Ce site vient d'être réactivé. Il a, en quelque sorte, été remanié en site officiel luxembourgeois de la Convention sur l'Avenir de l'Europe. A l'adresse www.avenir-europe.lu (ou www.avenir-europe.lu) vous trouverez dorénavant toutes les contributions luxembourgeoises à ce débat devant préparer l'UE aux défis qui l'attendent.

Ainsi y sont repris les interventions et discours des représentants luxembourgeois (membres effectifs et membres suppléants) à la Convention et les prises de position d'associations et d'organisations de la société civile. Vous y avez également la possibilité de vous exprimer, et de nous faire part de votre opinion. Par ailleurs, avenir-europe.lu vous offre encore des liens vers d'autres sites concernant la construction européenne.

**Chamber TV**

**an der Stad**
*um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 9 (Eltrona/Siemens)*

**zu Esch**
*um Kanal S6 (140.25 MHz)*

**zu Déifferdeng**
*um Kanal S 29*

**zu Diddeleng**
*um Kanal S 32*

**an der Gemeng Nidderaanven**
*um Kanal S 29*

# «Arrêtons la violence»



Spencer dos Santos, un jeune Capverdien, avait tout juste 19 ans quand il est mort d'un acte de violence aussi gratuit que grave le 25 janvier 2002 dans une discothèque du quartier de la gare à Luxembourg. Ses amis ne l'ont pas oublié.

Choqués et révoltés, ils se sont retrouvés au sein d'un Comité Spencer, une association de jeunes dont la plupart sont d'origine capverdienne, qui a lancé une pétition: les 1363 signatures adhérant à l'appel «Arrêtons la violence - Stop d'Gewalt» ont été remises au Président de la Chambre des Députés en date du 6 septembre.

# Réunion des Présidents des Commissions spécialisées en affaires communautaires et européennes des Parlements nationaux des Etats membres (Copenhague, 16 septembre 2002)

En date du 16 septembre 2002 a eu lieu à Copenhague une réunion des Présidents des Commissions spécialisées en affaires communautaires et européennes des Parlements nationaux des Etats membres. La Chambre des Députés a été représentée par M. Laurent Mosar, président de la délégation luxembourgeoise de la COSAC (Conférence des Organes spécialisés dans les affaires communautaires).

La XXVIème COSAC, qui s'était réunie à Madrid du 13 au 14 mai 2002, avait décidé, dans l'esprit du mandat de la Convention sur l'avenir de l'Europe qui a débuté ses travaux à Bruxelles le 28 février 2002, d'organiser des travaux préparatoires de rédaction d'une proposition détaillée visant à accroître l'efficacité de la COSAC, en concentrant davantage son activité sur le rôle des parlements nationaux. Il est en effet indispensable de rapprocher les citoyens du processus de décision au niveau européen en donnant aux parlements la possibilité de contrôler et d'intervenir plus efficacement sur l'action de leurs gouvernements.

Le but de la réunion du 16 septembre 2002 était de préparer la XXVIIème COSAC qui se déroulera du 17 au 18 octobre 2002 à Copenhague. Les parlementaires nationaux se sont concertés avec le représentant du Parlement européen sur le document de travail présenté par la présidence danoise de la COSAC.

La délégation luxembourgeoise a souligné qu'en ce qui concerne les différents modèles de renforcement du rôle des parlements nationaux, il n'est pas opportun de procéder à la création d'organes nouveaux. Les parlements nationaux doivent garder les compétences dont ils disposent actuellement sans les transmettre à un nouvel organe. Par contre, il est nécessaire d'impliquer les parlements plus tôt dans le processus de prise de décisions.



*M. Laurent Mosar, président de la délégation luxembourgeoise de la COSAC et M. Claus Larsen-Jensen, président de la Commission danoise des Affaires européennes*

# NOUVELLES LOIS

## 4784 - Projet de loi

**relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance**

Le projet de loi poursuit essentiellement les quatre objectifs suivants:

- amélioration des dispositions concernant les différentes activités privées de gardiennage et de surveillance en y apportant les précisions nécessaires quant aux exigences à remplir par les professionnels en la matière;

- mise en oeuvre de mesures de sécurité pour faire face à l'évolution de la criminalité et aux nouvelles méthodes employées dans le cadre de la commission d'infractions;

- détermination de mesures préventives destinées à décourager les malfaiteurs à commettre leurs crimes, soit directement par certaines mesures ponctuelles, soit indirectement par l'intermédiaire d'une base légale permettant de prendre, par la voie réglementaire, les dispositions techniques dans des domaines particulièrement exposés, à savoir plus spécialement les transports de fonds;

- amélioration de la coopération entre les professionnels des transports de fonds et les forces de l'ordre.

Le projet de loi réglemente les activités suivantes :

- la surveillance de biens mobiliers et immobiliers,

- la gestion de centres d'alarmes,

- le transport de fonds ou de valeurs,

- la protection de personnes.

A noter que l'exercice d'une activité de gardiennage et de surveillance pour le compte de tiers est soumise à une double autorisation, à savoir une autorisation du Ministre de la Justice et une autorisation de faire le commerce émise par le Ministre des Classes moyennes et régie par la loi du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales.

En ce qui concerne les transports de fonds ou de valeurs il y a lieu de signaler que le projet de loi contient des dispositions relatives aux endroits sécurisés. En effet, l'organisation parfaite de la sécurité des transporteurs de fonds ou de valeurs requiert des mesures de précaution et des dispositifs techniques efficaces pour dissuader les malfaiteurs.

Le projet de loi prévoit ainsi que toute personne, qui prend régulièrement recours à des transporteurs de fonds ou de valeurs pour recevoir ou expédier des fonds ou valeurs, devra assurer au moins les réalisations suivantes:

- mise à disposition d'un endroit de stationnement réservé pour le véhicule assurant le transport de fonds ou de valeurs à proximité maximale de l'entrée des locaux desservis;

- aménagement d'un local sécurisé, permettant le dépôt et la collecte de fonds ou de valeurs, à atteindre dans la mesure du possible à l'abri de la vue du public;

- réalisation d'un système de surveillance qui couvre l'endroit de stationnement, le cheminement du convoyeur et le local sécurisé;

- réalisation d'un moyen de communication ou d'un système d'alarme permettant d'avertir la société de transports de fonds ou de valeurs de tout risque d'agression.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 23.07.2001

Rapporteur: M. Patrick Santer

Travaux de la Commission juridique (Président: M. Laurent Mosar):

| | |
|---|---|
| 25.04.2001 | Désignation du rapporteur |
| 24.10.2001 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 30.10.2001 | Continuation de l'examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 15.11.2001 | Prise de position du Ministre du Travail et de l'Emploi sur la question de savoir si la proposition de prévoir que le demandeur aura la possibilité de conclure des contrats de travail sous la condition suspensive de l'autorisation définitive du Ministre de la Justice, pour les activités en cause, est compatible avec les règles du droit de travail |
| 28.11.2001 | Echange de vues avec M. Paul Kihn, Directeur de l'Entreprise des Postes et Télécommunications, et M. Jean-Claude Conter, Inspecteur général de la sécurité dans la fonction publique |
| 09.01.2002 | Echange de vues avec M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, et M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative |
| 20.02.2002 | Examen de différentes propositions de texte du Ministère de la Justice |
| 13.03.2002 | Continuation de l'examen des articles sur base des propositions d'amendement du Ministère de la Justice |
| 18.03.2002 | Votes sur les différentes propositions d'amendement sur base d'un nouveau texte coordonné |
| 05.06.2002 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'Etat |
| 11.09.2002 | Adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 08.10.2002

## 4871 - Projet de loi

**portant création d'un second établissement d'enseignement secondaire technique à Esch-sur-Alzette**

Le projet de loi a été déposé le 21 novembre 2001. La Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports l'a analysé au cours de sa réunion du 18 septembre 2002. Le rapport fut adopté le 1er octobre 2002.

Le projet de loi a pour but de scinder l'actuel Lycée technique d'Esch-sur-Alzette en deux établissements distincts fonctionnant chacun de façon autonome. Conformément à la loi du 29 avril 1999 relative à la construction d'un lycée technique d'Esch, un nouveau bâtiment est actuellement en construction à Esch-Raemerich et pourra être inauguré d'ici deux ans. L'actuel Lycée technique d'Esch-sur-Alzette occupera dorénavant ce nouveau bâtiment, ainsi qu'une partie du bâtiment à la Place Victor Hugo où le cycle inférieur trouvera sa place.

L'établissement secondaire technique créé avec le présent projet de loi, occupera le site de Lallange, où il est prévu de transformer et d'agrandir le bâtiment existant, de sorte qu'il pourra accueillir environ 1.300 élèves. Ces travaux ne pourront commencer avant l'inauguration du nouveau bâtiment à Esch-Raemerich.

En ce qui concerne l'offre scolaire des deux lycées techniques, il est prévu que chacun des deux établissements offrira un cycle complet d'études allant de la classe de 7e à la classe de 13e, y compris le régime préparatoire, le régime technique, le régime de la formation de technicien et le régime professionnel de l'enseignement secondaire technique.

Dépôt par Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports, le 21.11.2001

Rapporteur: M. Claude Meisch

Travaux de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports (Présidente: Mme Agny Durdu):

| | |
|---|---|
| 18.09.2002 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 01.10.2002 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 09.10.2002

## 4908 - Proposition de loi

**portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement**

## 4977 - Projet de loi

**modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement**

Fin 2001 le Conseil de Gouvernement a adopté un programme d'action "Logement" présenté par le Ministre des Classes Moyennes, du Tourisme et du Logement. Ce programme comprend une dizaine d'axes et propose quelque trente actions. La concrétisation de certaines mesures, notamment celles à prendre sur le plan fiscal, les mesures concernant la loi sur les baux à loyer, les mesures concernant l'aide au logement et celles de nature budgétaire, nécessite l'intervention de la Chambre des Députés.

Par une loi du 30 juillet 2002 le législateur a déjà voté différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation. Le projet sous rubrique constitue la seconde étape dans la réalisation des mesures à prendre sur le plan législatif, à savoir les mesures concernant les aides au logement. Ces aides font l'objet de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement que le présent projet propose d'amender.

Le 4 juillet 2001 l'honorable député Mars Di Bartolomeo avait interpellé le Gouvernement sur la politique du logement. A cette occasion, neuf motions avaient été déposées par différents députés. A l'issue de cette interpellation, la Chambre décida d'organiser un débat d'orientation sur la politique du logement au Grand-Duché et de traiter les motions dans le cadre de la préparation de ce débat.

Le 30 janvier 2002, l'honorable député Mars Di Bartolomeo a déposé à la Chambre une proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement, qui a été examinée par la Commission de façon parallèle avec le projet de loi 4977, tout comme par le Conseil d'Etat dans son avis du 9 juillet 2002.

Le présent projet de loi comporte trois grands volets, à savoir la promotion de l'accès au logement, l'action en faveur de la mixité sociale et la réalisation d'habitations bien conçues dans des structures urbaines de qualité.

L'élément le plus important, à savoir la promotion de l'accès au logement, sera visée par les mesures suivantes:

a. Augmentation du parc locatif public
b. Introduction d'une garantie locative de l'Etat
c. Introduction d'une aide d'épargne-logement généralisée et réactivation de la garantie de l'Etat.

Dépôt de la proposition de loi par M. Mars Di Bartolomeo, le 30.01.2002

Dépôt du projet de loi par M. Fernand Boden, Ministre des Classes Moyennes, du Tourisme et du Logement, le 02.07.2002

Rapporteur: M. Norbert Haupert

Travaux de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports (Présidente: Mme Agny Durdu):

| | |
|---|---|
| 17.06.2002 | Examen de la proposition de loi |
| 24.06.2002 | Désignation du rapporteur |
| 17.07.2002 | Examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| 27.09.2002 | Examen du projet de rapport |
| 01.10.2002 | Examen des parties modifiées du projet de rapport |
| | Adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 10.10.2002

## 4978 - Projet de loi

**autorisant le Gouvernement à subventionner un huitième programme quinquennal d'équipement sportif et modifiant l'article 1er de la loi du 24 décembre 1997 concernant le septième programme quinquennal d'équipement sportif**

Le projet de loi autorise le Gouvernement à subventionner un huitième programme quinquennal d'équipement sportif ainsi qu'à modifier l'article 1er de la loi du 24 décembre 1997 concernant le septième programme quinquennal d'équipement sportif.

Le projet de loi a pour but le financement, pour un montant de 120.000.000 € au cours de la période allant du 1er janvier 2003 au 31 décembre 2007, de la réalisation d'équipements sportifs par les communes, les syndicats communaux et les organisations sportives nationales.

Le projet de loi sous rubrique a été déposé le 2 juillet 2002.

Le Conseil d'Etat a émis son avis le 9 juillet 2002 et a marqué son accord avec le présent projet de loi.

La Commission a examiné le projet de loi sous rubrique lors de sa réunion du 18 septembre 2002. Le présent projet de rapport fut adopté lors de la réunion du 1er octobre 2002.

Dépôt par Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports, le 02.07.2002

Rapporteur: M. Xavier Bettel

Travaux de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports (Présidente: Mme Agny Durdu):

| | |
|---|---|
| 18.09.2002 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| | Organisation des travaux |
| 01.10.2002 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 09.10.2002

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber online op
www.chd.lu

## Ordre du jour

1. Clôture de la session ordinaire 2001-2002 et ouverture de la session ordinaire 2002-2003
2. Confirmation de la composition du Bureau
3. Election du Secrétaire général de la Chambre des Députés
4. Composition des commissions parlementaires réglementaires, permanentes et spéciales
5. Composition des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales
6. Discours de M. Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Erna Hennicot-Schoepges, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Charles Goerens et Carlo Wagner, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.01 heures)***

### 1. Clôture de la session ordinaire 2001-2002 et ouverture de la session ordinaire 2002-2003

**M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, den Artikel 72, drëtten Alinéa vun eiser Verfassung gesäit Folgendes vir: "Toute session est ouverte et close par le Grand-Duc en personne, ou bien en son nom par un fondé de pouvoirs nommé à cet effet".

Duerch groussherzoglechen Arrêté vum 18. September 2002 huet de Grand-Duc Henri dem Här Jean-Claude Juncker, Premier- a Statsminister, d'Vollmacht ginn, d'Session ordinaire 2001-2002 zouzemaachen an d'Session ordinaire 2002-2003 opzemaachen.

Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

**M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här President, sou wéi Der dat ausféierlech duergestallt hutt, huet de Grand-Duc mech den 18. September autoriséiert, d'Chambersessioun 2001-2002 zouzemaachen. Dat hätt ech heimat gemaach. Ob mer den zweeten Deel vun der Autorisatioun och nach a Kraaft triede loossen, gesi mer a kierzester Frist.

***(Hilarité)***

**M. le Président**.- Ech ginn Akt vun Ärer Deklaratioun. D'Session ordinaire 2001-2002 ass domat zou.

Den Här Premierminister kritt elo d'Wuert fir déi nei Sessioun opzemaachen.

**M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här President, si ass och op.

**M. le Président**.- Ech ginn Akt vun Ärer Deklaratioun. D'Sessioun 2002-2003 ass offiziell op.

### 2. Confirmation de la composition du Bureau

Den Artikel 5-1 vum Chamberreglement gesäit Folgendes vir:

"(1) Les députés élus Président, vice-présidents ou membres du Bureau sont nommés pour la durée de la législature, sauf en cas de vacance extraordinaire ou de demande d'un groupe politique".

Ech froen dofir d'Fraktiounschefen, ob si eventuell Virschléi wëlle maachen, oder ob de President, déi dräi Vize-Presidenten an déi aner Membere vum Bureau déiselwecht bleiwen?

D'Wuert huet den Här Lucien Weiler.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Här President, mir proposéieren, déi Leit, déi déi Fonctiounen haten, bäizebehalen.

**M. le Président**.- Den Här Jean-Paul Rippinger.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP)*.- Här President, och bei eis ass kee Changement. Vize-President ass den Här Niki Bettendorf, Member ass wéi all déi aner Fraktiounspresidenten ech selwer an de John Schummer ass och am Bureau.

**M. le Président**.- Den Här Jeannot Krecké.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Mir gesinn och kee Grond fir eppes ze änneren, an domat proposéiere mir als Vize-President den Här Jean Asselborn a mech selwer als Member.

**M. le Président**.- Den Här Gast Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Här President, bei eis ass och keng Änneruing virgesinn. De Roby Mehlen ass an Zukunft weider fir eis de Vertrieder am Bureau.

**M. le Président**.- Den Här François Bausch.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, et géife vläicht vill Grënn ginn, fir eppes ze änneren, mä mir änneren awer guer näischt.

**M. le Président**.- De Bureau bleift also fir d'Sessioun 2002-2003 an där Form bäibehalen, wéi en den 12. Oktober 1999 agesat gouf:

Ech selwer als President, den Här Niki Bettendorf als Vize-President wéi och déi Häre Jean Asselborn a Willy Bourg. Membere sinn d'Häre Lucien Weiler, Jean-Paul Rippinger, Jeannot Krecké, François Bausch, Robert Mehlen, Lucien Clement a John Schummer.

De Grand-Duc gëtt doriwwer vun eis a Kenntnis gesat.

### 3. Election du Secrétaire général de la Chambre des Députés

Mir kommen elo zur Wahl vun eisem neie Secrétaire général. D'Chamberreglement gesäit a sengem Artikel 149 Folgendes vir:

"Art 149.- (1) La Chambre élit un Secrétaire général; il est toujours révocable.

(2) Le candidat élu doit avoir atteint la majorité absolue des voix, les bulletins nuls et blancs ne comptant pas pour l'établissement de cette majorité.

4) Il est élu pour la durée de la session."

Nodeems den Här Dillenburg deklaréiert huet, datt en op eng Erneierung vu sengem Mandat als Greffier verzicht, huet de Bureau den aktuelle Greffier adjoint, den Här Claude Frieseisen, als säin Nofolger virgeschloen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Kandidatur vum Här Claude Frieseisen fir de Poste vum Secrétaire général.

***Vote***

D'Ofstëmmung ass geheim a perséinlech. Et däerf also net par procuration gestëmmt ginn. D'Wahl vum Kandidat erfollegt duerch eng absolut Majoritéit, woubäi déi blank an ongülteg Stëmmziedeln net a Betracht gezu ginn.

Ech géing bieden, d'Stëmmziedel auszedeelen.

D'Stëmmziedele ginn duerch Appel nominal agezunn.

***Appel nominal***

D'Sitzung gëtt ënnerbrach.

***(Interruption de la séance publique)***

Déi öffentlech Sitzung geet weider.

Dir Dammen an Dir Hären, et waren 59 Stëmmziedelen. Den Här Claude Frieseisen, Kandidat fir de Poste vum Secrétaire général, huet 56 Jo-Stëmme kritt, eng Nee-Stëmm an zwou Enthalungen.

***(Applaudissements)***

Deemzufolleg ass dem Claude Frieseisen seng Kandidatur fir de Poste vum Secrétaire général mat enger grousser Majoritéit ugeholl ginn. Hien ass deemno zum éischte Secrétaire géneral vun der Chamber gewielt. All eis Félicitatiounen, Här Generalsekretär.

### 4. Composition des commissions parlementaires réglementaires, permanentes et spéciales

Mir fuere weider mat eisem Ordre du jour. D'Deputéierte kruten all eng Lëscht ausgedeelt mat der Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen. Bis elo si folgend Änerungsvirschléi agaangen.

Vun der CSV-Fraktioun:

Commission spéciale "Ethique":
- d'Mme Marie-Josée Meyers-Frank ersetzt den Här Norbert Haupert.

Vun der Fraktioun "DÉI GRÉNG":

Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense:
- den Här François Bausch ersetzt den Här Jean Huss;
- den Här Robert Garcia ersetzt d'Mme Renée Wagener fir de Volet "Coopération".

Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse:
- d'Mme Renée Wagener ersetzt den Här Camille Gira.

Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative:
- den Här Jean Huss ersetzt den Här François Bausch.

Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports:
- den Här Camille Gira ersetzt d'Mme Renée Wagener fir de Volet "Energie".

Commission des Travaux publics:
- den Här Jean Huss ersetzt d'Mme Renée Wagener fir de Volet "Projets routiers".

Gëtt et nach iergendwellech aner Änerungsvirschléi?

***(Négation)***

Ass d'Chamber mat deenen Änerungsvirschléi averstanen?

***(Assentiment)***

Dat ass also esou décidéiert.

Dës Lëscht dréit och Informatiounen iwwert d'Presidenten an d'Vizepresidente vun der Kommissioun. No engem Personalwiessel ënnerhalb der Ethikskommissioun schléit d'CSV-Fraktioun vir, dass den Här Patrick Santer d'Vizepresidentschaft vun dëser Spezialkommissioun amplaz vum Här Norbert Haupert iwwerhëlt.

Ass d'Chamber domat d'accord?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Déi gesamt Lëschte mat hiren Änerunge ginn am Compte rendu publizéiert *(cf. Noriichten aus der Chamber)*.

### 5. Composition des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales

Et ass ebenfalls eng Lëscht ausgedeelt ginn iwwert d'Zesummesetzung vun den Delegatioune bei den internationale parlamentaresche Gremien. Bis elo sinn Ännerungsvirschléi vun de Fraktioune vum ADR a vun deene Gréngen agaangen:

Assemblée parlementaire de l'Organisation pour la Sécurité et de la Coopération en Europe:
- d'Mme Renée Wagener ersetzt den Här Jacques-Yves Henckes als effektive Member;
- den Här François Bausch ersetzt d'Mme Renée Wagener als Membre suppléant;
- den Här Jacques-Yves Henckes ersetzt den Här Aly Jaerling als Membre suppléant.

Conseil Parlementaire Interrégional:
- den Här Fernand Greisen ersetzt d'Mme Renée Wagener als effektive Member;
- den Här Aly Jaerling ersetzt den Här François Bausch als Membre suppléant.

Gëtt et dozou nach iergendwellech Ännerungsvirschléi?

***(Négation)***

Ech kann also unhuelen, datt d'Chamber mat dësen Ännerungsvirschléi averstanen ass?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Dës Lëscht gëtt ebenfalls am Compte rendu publizéiert *(cf. Noriichten aus der Chamber)*.

### 6. Discours de M. Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Erlaabt mer, Iech fir d'éischt merci ze soe fir dat Vertrauen, dat Dir mir op en Neits ausgesprach hutt, an och deenen anere Kolleegen, déi an hire Mandater bestätegt gi sinn. Et ass selbstverständlech, dass ech mech och weiderhi wäert beméien, de President vun allen Deputéierten ze sinn, ob an der Majoritéit oder an der Oppositioun. Och an Zukunft wäert ech derfir suergen, datt hei ee behandelt gëtt ewéi deen aneren.

D'lescht Joer ëm dës Zäit ass eis déi grouss Éier zoukomm, datt de Grand-Duc Henri, am Ufank vun sengem Règne, dem Wonsch vum Chamberbureau nokomm ass, fir als éischten Herrscher vun eisem Land eng Chambersessioun feierlech opzemaachen. Hien huet domat d'Lienen ënnerstrach, déi de Statschef laut Verfassung mat der Chamber huet. Dat ware Momenter, déi sonner Zweifel an d'Geschicht vun eisem Parlament wäerten agoen.

Virun eppes méi wéi engem Joer hu mer och hei an der Chamber un d'Affer vum 11. September geduecht a quier duerch d'politesch Parteien eist Entsetze virun dëser Dot zum Ausdrock bruecht. Hei sinn Limitë vum Onvirstellbaren iwwerschratt ginn. De Kampf géint den internationalen Terrorismus ass agelaut ginn a verlaangt eng international juristesch a polizeilech Zesummenaarbecht, fir déi ze fannen, déi esou Aktiounen ausféieren a plangen, eng Kooperatioun, déi virun allem am Austausch vun Informatiounen a gemeinsamen Enquêtë besteet.

Am Kampf géint den internationalen Terrorismus huet d'Pressioun géint déi Länner, wou ugeholl gëtt, datt se terroristesch Aktioune förderen an ënnerstëtzen, zougeholl an hält d'Weltpolitik an Otem.

D'Leit hu fir de Moment och Angscht virun engem méigleche Krich am Irak an deenen doraus resultéierenden eventuelle Konsequenzen. Dagdeeglech verfollege mer de verbalen Austausch an der Irakkris an eis Ae sinn op d'UNO geriicht an der Hoffnung, datt deen ugedeite Konflikt nach um diplomatesche Wee ka geléist ginn. Suerge maachen eis awer och déi stänneg traureg Noriichten a Biller aus dem Noen Osten.

Wien no dem Fall vun der Berliner Mauer geduecht hat, datt elo eng Zäit vu geséchertem Fridden agelaut géif, ass enges Bessere beléiert ginn. D'Openeestousse vu verschiddenen Identitéiten, Kulturen a Reliounen ass eemol méi an der Geschicht vun der Mënschheet mat grousse Problemer verbonnen. Amplaz am Pluralismus vun de Kulturen eng Beräicherung ze gesinn, ginn Ënnerscheeder stänneg dramatiséiert a kënschtlech vergréissert an hunn als Konsequenz generell zu enger Radikaliséierung gefouert. Verschiddener gesinn dofir elo schonn am 21. Jorhonnert d'Jorhonnert vum Zesummestouss vun den Zivilisatiounen.

Och an der Europäescher Unioun sinn nei Erausfuerderungen op eis duerkomm. An dësem Kader wëll ech déi gutt Aarbecht vun eise Vertrieder am Konvent ënnersträichen. Si hunn an deene leschte Wochen a Méint niewent hirer nationaler Aarbecht e groussen Engagement zu Bréissel an deene verschiddene Groupes de travail an an de Plénièrë bewisen.

De Konvent ass um gudde Wee, sain ambitiéise Programm duerchzezéien. Och an eisem Parlament wäerten an nächster Zäit d'Froen iwwer eng europäesch Verfassung, d'Roll vun den nationale Parlamenter am Europa vu muer, esouwuel an de Kommissioune wéi och an de Plenarsitzungen, diskutéiert ginn. Dëse Froe musse mer eng grouss Wichtegkeet entgéintbréngen, well et hei drëm geet, d'Interesse vun deene klenge Länner an engem erweiderten Europa ze garantéieren.

Hei zu Lëtzebuerg huet d'Chamber zënter dem Mount September hir Aarbechten erëm a vollem Mooss opgeholl. Den 12. September hate mer eis schonn zesummefonnt fir den Dépôt vum Budget 2003. Aus där Sitzung ass ervirgaangen, dass, och wann d'Lëtzebuerger Land haut nach op eng gesond wirtschaftlech Lag, en équilibréierte Budget, en héijen Investitiounsvolumen, esou wéi de Verzicht op eng nei Statsverscholdung kucke kann, dat eis net veranlassen däerf, déi international Tendenzen a Fakten aus den Aen ze verléieren.

D'wirtschaftlech Prognosen op der Welt sinn haut am Vergläich mam Ufank vum Joer wäit hannert den Erwaardungen zréckbliwwen. Déi un d'Stocke gerode Weltwirtschaft, d'Schwieregkeete vun eisen Haapthandelspartner, also virun allem eisen direkten Noperen, d'unhalend Veronsécherung vun eise Finanzmäert, d'onerfëllte konjunkturell Erwaardungen, esou wéi d'politesch Entwécklung an der Golfregioun an am Noen Oste sinn alles Facteuren, déi hir Spuren och bei eis hannerloosse wäerten. Et heescht also, dës Entwécklunge konstant ze verfollegen an doraus déi néideg Schlussfolgerunge fir eis Wirtschafts-, Finanz- a Budgetspolitik ze zéien.

Och wann - esou wéi eist Reglement dat virgesäit - den zweeten Dënschden am Oktober eng nei Sessioun vun der Chamber ufänkt an esou eis öffentlech Sitzungen ageleet ginn, hunn d'Aarbechten an de Kommissiounen an och déi international Engagementer schonn hire gewinnte Laf geholl.

D'Kommissiounssitzungen hunn hire séiere Rhythmus vun der leschter Sessioun erëmfonnt. Mir haten an der leschter Sessiounsperiod 2001-2002 net manner wéi 554 Kommissiounssitzungen, am Verglach zu deenen zwou Sessioune virdrun, wou et der 299, respektiv 357 waren. Dat wonnert een awer net, wann een d'Zuel vun de Gesetzestexter kennt, déi d'lescht Joer an nach momentan op dem Instanzewee -tëschent Regierung, Conseil d'Etat a Chamber - ënnerwee sinn. Dobäi kënnt dann nach d'Preparatioun vun den Debatten, wéi zum Beispill iwwert d'Immigratioun, d'Médecine non conventionnelle an d'Logementspolitik, fir nëmmen déi ze nennen.

Vun haut u kënnt och eng Ännerung um Niveau vun eisem Chambersblat. Ass et an deene leschten 150 Joer als eng eege Publikatioun un d'Haushalter verdeelt ginn, wäert et elo a véier lëtzebuergeschen Dageszeitunge bäigeluegt ginn. Dëst sinn d'Lëtzebuerger Wort, d'Tageblatt, de Journal an d'Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek. Déi Bierger, déi net op eng vun deenen Zeitungen abonnéiert sinn, kënne sech op eng Lëscht bei der Chamber aschreiwe loossen an esou weiderhin de Compte rendu vun der Chamber heemgeschéckt kréien.

Déi éischt Fro, déi sech am Zesummenhang mat dem Chambersblat gestallt huet, war déi vu sengem Bäibehalen. De Bureau war der Meenung, datt an engem demokratesche Stat d'Informatiounen iwwert d'politesch Debatten esou komplett wéi méiglech sollte sinn, fir datt de Bierger en connaissance de cause an de Wahle säi Choix treffe kann.

D'Chambersblat bleift also bestoen, well et ee wichtegt Instrument an der politescher Meenungsbildung vun eisem Land duerstellt. Niewent der Chamberstelevisioun, eisem Internetsite an der Berichterstattung vun eiser nationaler Press bleift de Compte rendu een interessant Instrument, fir den Detail vun de politeschen Debatten nozekucken, an dat net nëmme fir de Bierger, mä och fir déi verschidde Forces vives de la nation. Doriwwer eraus ass d'Chambersblat een historesch wichtegt Instrument, dat deene folgende Generatiounen et erlaabt, d'Beweggrënn vun eisem heitege politeschen Handelen nozevollzéien.

Déi nei Formule ass dann och zréckbehale ginn, well se de Steierzueler elo nëmmen nach Halschent vum Geld kascht wéi virdrun. Net manner wéi 750.000 Euro, also eppes méi wéi 30 Millioune Frang, ginn esou agespuert. Dat erméiglecht der Chamber, déi verschidden Informatiounsmëttelen - dat heescht, d'Chamber-TV, den Internetsite an d'Chambersblat - haut zu deemselwechte Präis ze maachen, dee fréier d'Chambersblat eleng kascht huet.

Parallell gëtt versicht, d'Chambersblat méi schnell erauszeginn: Huet et bis haut alt zwee Méint a souguer munchmol dräi Méint gedauert bis de Verbatim vun enger Sitzung nozeliese war, da wäert elo versicht ginn, dës Zäitspann op ongefeier zwou bis maximal dräi Wochen erofzesetzen. Also ee bessere Service deemno fir de Bierger.

Haut huet awer och de Greffe eng definitiv Organisatiounsstruktur kritt. Esou wéi d'Etüd et virun zwee Joer virgeschloen hat, steet un der Spëtzt vun der Verwaltung ee vun der ganzer Chamber gewielte Generalsekretär, deen duerch zwee vum Bureau genannten Adjointen ënnerstëtzt gëtt. Deem neie Generalsekretär, dee mer haut gewielt hunn, an sengen zwee Adjointë wënsche mer eng glécklech Hand an der Féierung vun der Verwaltung. Och wëll ech vun dëser Plaz aus dem Pierre Dillenburg, deem ech an der leschter Chamberssitzung virun der Summervakanz en Hommage gemaach hat, am Numm vun der Chamber nach eng Kéier merci soen an him eng schéi Pensiounszäit wënschen. Wann Der domat d'accord sidd, géif ech lech proposéieren, datt hien den Titel vun engem "Greffier honoraire" vun der Chamber kritt.

An dësem Zesummenhang sief och nach erwähnt, datt eis laangjähreg Mataarbechterin, d'Madame Gitty Perrard, hir Pensiounsrechter geltend gemaach huet. Ech géif lech och hei virschloen, datt si den honorairen Titel zougesprach kritt. Sidd Dir domat averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

No dëse puer Wierder wënschen ech eis all vill Energie a Mutt, fir datt mer déi Ziler, déi mer eis virgeholl hunn am Interesse vun eisem Vollek, och wäerten erreechen. Ech soen lech merci.

Déi éischt Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 15.30 heures)***

# MARDI, 8 OCTOBRE 2002 — 2E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Willy Bourg, Vice-Président**

## Ordre du jour

**1.** Hommage à la mémoire de M. Alain Schaack, ancien Député
**2.** Communications
**3.** Ordre du jour
**4.** Dépôt d'un projet de loi
**5.** Question urgente 1847 de M. Jos Scheuer relative à la pollution bactérienne de l'eau potable
**6.** 4784 - Projet de loi relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance

*(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motion)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Erna Hennicot-Schoepges, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Charles Goerens et Carlo Wagner, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.30 heures)***

**M. le Président**.- Déi zweet Sitzung ass op.

Deen administrativen Deel, dee laut eiser Verfassung virgeschriwwen ass, ass erlaanscht. Wat nei ass, dat ass, dass mer elo net mat eisen Aarbechten ophalen, mee wéinst der viller Aarbecht vun där ech elo grad geschwat hunn, direkt mat där nächster Sitzung virufueren.

**Des voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

**Une voix**.- Se berode sech nach.

## 1. Hommage à la mémoire de M. Alain Schaack, ancien Député

**M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen a Kolleeginnen, leider muss ech ufanks dëser Sessioun mat der traureger Noriicht un lech eruntrieden, datt den Alain Schaack, fréieren Deputéierten, de 24. August am Alter vun 69. Joer verscheet ass.

No der Demissioun vum Här Eugène Schaus huet den Alain Schaack, deem säin Deputéiertemandat zënter Februar 1978 an de Reie vun der Demokratescher Partei iwwerholl, ier hie selwer am Abrëll 1979 aus gesondheetleche Grënn vun der politescher Bühn oftriede sollt.

Vu Beruff Affekot an Direkter vun enger Assurancegesellschaft huet hie säi Fachwëssen, säi politescht an zum Deel och privat Engagement an den Dingscht vun der Famill gesat a sech och besonnesch ëm Kanner gekëmmert, deenen et net esou gutt geet.

Dem Alain Schaack senger Famill entbidde mir nodréiglech eist häerzlecht Bäileed.

Loosse mer opstoen, fir dem Verstuerwenen eng lescht Éier ze erweisen.

***(Minute de silence)***

Ech soen lech merci.

## 2. Communications

**M. le Président**.- Ech hunn der Chamber folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) La liste des projets de loi, des propositions de loi et du projet de règlement grand-ducal déposés à partir du 23 juillet 2002 est publiée au compte rendu.

**Projets de loi, proposition de loi et projet de règlement grand-ducal déposés à partir du 23 juillet 2002**

1) 4997 Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de loi uniforme Benelux sur les marques, signé à Bruxelles, le 11 décembre 2001

Dépôt (Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur): 23.07.2002

2) 4998 Projet de loi portant création d'une Administration de la gestion de l'eau

Dépôt (Ministre de l'Intérieur): 25.07.2002

3) 5000 Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003

Dépôt (Ministre du Trésor et du Budget): 12.09.2002

4) 5001 Projet de règlement grand-ducal relatif aux installations à câbles transportant des personnes

Dépôt (Ministre du Travail et de l'Emploi): 30.07.2002

5) 5002 Projet de loi 1) complétant la loi modifiée du 12 juin 1965 sur les transports routiers 2) modifiant la loi du 28 mars 1972 concernant 1. l'entrée et le séjour des étrangers; 2. le contrôle médical des étrangers; 3. l'emploi de la main d'œuvre étrangère 3) modifiant le code des assurances sociales

Dépôt (Ministre des Transports): 01.08.2002

6) 5003 Projet de loi portant réorganisation de l'Institut viti-vinicole

Dépôt (Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural): 01.08.2002

7) 5004 Projet de loi ayant pour objet d'autoriser le Gouvernement à subventionner l'exécution d'un septième programme quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique

Dépôt (Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement): 05.08.2002

8) 5005 Proposition de loi visant à modifier la loi du 28 juin 1976 portant réglementation de la pêche dans les eaux intérieures

Dépôt (Gusty Graas): 08.08.2002

9) 5006 Projet de loi relatif à la construction d'un nouveau bâtiment administratif à Luxembourg-Gare

Dépôt (Ministre des Travaux publics): 08.08.2002

10) 5007 Projet de loi portant modification de la loi du 15 décembre 2000 sur les services postaux et les services financiers postaux

Dépôt (Ministre délégué aux Communications): 12.08.2002

11) 5008 Projet de loi portant approbation de la "Vereinbarung über die Gestattung der Durchreise ausreisepflichtiger jugoslawischer Staatsangehöriger", signée à Berlin, le 21 mars 2000

Dépôt (Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur): 13.08.2002

12) 5009 Projet de loi portant approbation - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, le Gouvernement du Royaume de Belgique et le Gouvernement du Royaume des Pays-Bas et le Gouvernement fédéral de la République Fédérale de Yougoslavie relatif à la reprise et la réadmission de personnes qui ne remplissent pas ou ne remplissent plus les conditions d'entrée ou de séjour sur le territoire de l'autre Etat contractant - du Protocole sur l'application de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, le Gouvernement du Royaume de Belgique et le Gouvernement du Royaume des Pays-Bas et le Gouvernement fédéral de la République Fédérale de Yougoslavie relatif à la reprise et la réadmission de personnes qui ne remplissent pas ou ne remplissent plus les conditions d'entrée ou de séjour sur le territoire de l'autre Etat contractant signés à Belgrade, le 19 juillet 2002

Dépôt (Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur): 13.08.2002

13) 5010 Projet de loi portant approbation - de l'Accord entre le Gouvernement de la République de Hongrie et les Gouvernements des Etats du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas), relatif à la réadmission des personnes en séjour irrégulier - du Protocole d'application de l'Accord entre le Gouvernement de la République de Hongrie et les Gouvernements des Etats du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) relatif à la réadmission des personnes en séjour irrégulier signés à Luxembourg, le 23 janvier 2002

Dépôt (Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur): 13.08.2002

14) 5011 Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les Gouvernements du Grand-Duché de Luxembourg, du Royaume de Belgique et du Royaume des Pays-Bas, d'une part, et le Gouvernement de la République Slovaque, d'autre part, relatif à la réadmission des personnes en situation irrégulière, signé à Bratislava, le 21 mai 2002

Dépôt (Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur): 13.08.2002

15) 5012 Projet de loi portant approbation de la Convention européenne sur la promotion d'un service volontaire transnational à long terme pour les jeunes, faite à Strasbourg, le 11 mai 2000

Dépôt (Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur): 19.08.2002

16) 5013 Proposition de loi relative à la protection des actionnaires minoritaires et à l'obligation de lancer une offre publique d'acquisition

Dépôt (Ben Fayot): 19.08.2002

17) 5014 Projet de loi portant modification de la loi du 24 février 1999 autorisant l'Etat à participer au financement de la mise en place par le syndicat SEBES d'une conduite d'eau potable allant de Grosbous via Mersch à Junglinster

Dépôt (Ministre de l'Intérieur): 20.08.2002

18) 5015 Projet de loi relatif à la participation du Grand-Duché de Luxembourg à la 5ième augmentation de capital de la Banque de Développement du Conseil de l'Europe

Dépôt (Ministre du Trésor et du Budget): 23.08.2002

19) 5016 Projet de loi autorisant l'acquisition d'un immeuble administratif situé à Luxembourg, route d'Esch

Dépôt (Ministre du Trésor et du Budget): 23.08.2002

20) 5017 Projet de loi relatif à la location avec option d'achat de deux immeubles administratifs destinés aux institutions européennes

Dépôt (Ministre du Trésor et du Budget): 23.08.2002

21) 5018 Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'administration de l'Enregistrement et des Domaines

Dépôt (Ministre du Trésor et du Budget): 23.08.2002

22) 5019 Projet de loi sur la confiscation et portant modification de différentes dispositions du Code pénal, du Code d'instruction criminelle et de différentes lois spéciales

Dépôt (Ministre de la Justice): 26.08.2002

23) 5020 Proposition de loi instaurant un programme de délivrance de médicaments à base de cannabinoïdes

Dépôt (Renée Wagener): 28.08.2002

24) 5021 Projet de loi portant - création d'un Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance modification de la loi du 25 février 1967 ayant pour objet diverses mesures en faveur de personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant

Dépôt (Premier Ministre): 30.08.2002

25) 5022 Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Trinité et Tobago tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et à encourager le commerce international et l'investissement, signée à Luxembourg, le 7 mai 2001

Dépôt (Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur): 10.09.2002

26) 5023 Projet de loi modifiant

1) la loi du 30 juillet 1999 concernant

a) le statut de l'artiste professionnel indépendant et l'intermittent du spectacle

b) la promotion de la création artistique

2) la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

Dépôt (Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche): 12.09.2002

27) 5024 Projet de loi modifiant

1) la loi du 19 avril 1996 autorisant le Gouvernement à participer comme membre fondateur, à accorder une aide financière annuelle à la "Fondation Henri Pensis" et modifiant la loi du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi du 9 janvier 1998 portant transposition de la directive 93/7/CEE du 15 mars 1993 relative à la restitution des biens culturels ayant quitté illicitement le territoire d'un Etat membre de l'Union européenne et transposition de la directive 2001/38/CE du 5 juin 2001 modifiant la directive prémentionnée

3) la loi du 24 juillet 2001 portant création d'un établissement public nommé "Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster"

Dépôt (Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche): 12.09.2002

28) 5025 Projet de loi portant approbation de l'accord de coproduction audiovisuelle entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République fédérale d'Allemagne, signé à Berlin, le 14 juin 2002

Dépôt (Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur): 12.09.2002

29) 5026 Proposition de loi modifiant la loi du 25 juillet 2002 portant réorganisation de l'administration du cadastre et de la topographie

Dépôt (Norbert Haupert): 17.09.2002

30) 5027 Projet de loi relative à la classification, à l'emballage et à l'étiquetage des préparations dangereuses

Dépôt (Ministre du Travail et de l'Emploi): 20.09.2002

31) 5028 Projet de loi portant reconduction des mesures transitoires prévues à l'article 2, paragraphe 2 de la loi du 4 novembre 1997 portant modification des articles 2, 12, 22 et 26 de la loi modifiée du 28 décembre 1988 concernant le droit d'établissement

Dépôt (Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement): 03.10.2002

32) 5029 Projet de loi modifiant la loi du 31 mai 1982 concernant les relations entre l'Etat et l'enseignement postprimaire privé

Dépôt (Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports): 03.10.2002

33) 5030 Projet de loi relative à l'assurance obligatoire de la responsabilité civile en matière de véhicules automoteurs

Dépôt (Ministre du Trésor et du Budget): 04.10.2002

34) 5031 Projet de loi relatif à la construction d'un bâtiment annexe pour le Lycée Technique du Centre à Luxembourg-Dommeldange

Dépôt (Ministre des Travaux publics): 07.10.2002

3) En date du 29 juillet 2002 la Section de la Musique Militaire du LCGB a remis la pétition N° 242 relative à l'enseignement musical.

En date du 6 septembre 2002 le Comité Spencer a remis la pétition N° 243 - "Arrêtons la violence - Stop d'Gewalt".

4) En date du 16 septembre 2002 a eu lieu à Copenhague une réunion des Présidents des Commissions spécialisées en affaires communautaires et européennes des Parlements nationaux des Etats membres. La Chambre des Députés a été représentée par M. Laurent Mosar, Président de la délégation luxembourgeoise de la COSAC (Conférence des Organes spécialisés dans les affaires communautaires).

La XXVIème COSAC, qui s'était réunie à Madrid du 13 au 14 mai 2002, avait décidé, dans l'esprit du mandat de la Convention sur l'avenir de l'Europe qui a débuté ses travaux à Bruxelles le 28 février 2002, d'organiser des travaux préparatoires de rédaction d'une proposition détaillée visant à accroître l'efficacité de la COSAC, en concentrant davantage son activité sur le rôle des parlements nationaux. Il est en effet indispensable de rapprocher les citoyens du processus de décision au niveau européen en donnant aux parlements la possibilité de contrôler et d'intervenir plus efficacement sur l'action de leurs gouvernements.

Le but de la réunion du 16 septembre 2002 était de préparer la XXVIIème COSAC qui se déroulera du 17 au 18 octobre 2002 à Copenhague. Les parlementaires nationaux se sont concertés avec le représentant du Parlement européen sur le document de travail présenté par la présidence danoise de la COSAC.

La délégation luxembourgeoise a souligné qu'en ce qui concerne les différents modèles de renforcement du rôle des parlements nationaux, il n'est pas opportun de procéder à la création d'organes nouveaux. Les parlements nationaux doivent garder les compétences dont ils disposent actuellement sans les transmettre à un nouvel organe. Par contre, il est nécessaire d'impliquer les parlements plus tôt dans le processus de prise de décisions.

5) Une Conférence des Présidents des Parlements membres de la Région Europe de l'Assemblée Parlementaire de la Francophonie (APF) s'est tenue du 18 au 20 septembre à Chisinau (Moldavie) pour préparer la prochaine assemblée régionale qui aura lieu du 17 au 20 novembre 2002 à Bruxelles. M. Jos Scheuer, qui représentait la Chambre des Députés du Luxembourg, s'y est vu confier la mission de préparer un rapport sur le cinéma francophone européen. Les autres thèmes qui seront traités par l'APF Europe sont ceux de l'ouverture de l'Union Européenne vers de nouveaux membres ainsi que l'avenir de la langue française dans la perspective de l'élargissement de l'Union européenne.

6) Lors de la 171e session ordinaire et d'une session extraordinaire du Conseil de l'Union Interparlementaire (du 23 au 27 septembre 2002 au Centre international des Conférences de Genève en Suisse), l'UIP a élu son nouveau Président en la personne de M. Sergio Páez Verdugo, membre du Congrès National chilien. C'est d'ailleurs au Chili qu'aura lieu en avril 2003 la prochaine session de l'UIP.

C'est par le truchement de son organe directeur que l'Union Interparlementaire a débattu de l'élaboration d'une stratégie d'action parlementaire importante au financement du développement.

M. Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés, ainsi que Messieurs les Députés Lucien Weiler, Jean-Paul Rippinger, François Bausch et John Schummer, Membres du Bureau, ont assisté aux débats en se relayant dans les différentes réunions qui ont eu lieu souvent simultanément.

Des réunions du Groupe des Douze + de l'Union Interparlementaire et de l'Association des Secrétaires généraux des Parlements ont également eu lieu.

7) Par lettre du 24 septembre 2002 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir le texte des résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 2 au 5 septembre 2002:

- résolution sur le commerce et le développement sous l'angle de l'éradication de la pauvreté;

- position sur la proposition de décision du Conseil en vue de la conclusion, par la Communauté européenne (CE), de la "convention commune sur la sûreté de la gestion du combustible usé et sur la sûreté de la gestion des déchets radioactifs";

- résolution sur le projet de règlement de la Commission concernant l'application des articles 87 et 88 du traité CE aux aides d'État à l'emploi;

- résolution sur l'Egypte: cas de M. Saad Eddin Ibrahim;

- résolution sur le Nigeria: affaire Amina Lawal.

## 3. Ordre du jour

Wat déi parlamentaresch Aarbecht fir dës Woch ubelaangt, gëtt folgenden Ordre du jour proposéiert:

Haut de Mëtteg hu mir de Projet de loi 4784 iwwert d'Activités privées de gardiennage.

Muer steet op eisem Ordre du jour de Projet de loi 2871 iwwert de Bau vun engem zweete Lycée technique zu Esch an de Projet de loi 4978 iwwert en aachte Fënnefjoresplang am Beräich vum Sport.

Iwwermuer, en Donneschden, hu mir de Projet de loi 4977 iwwert d'Wunnengsbäihëllef zesumme mat der Proposition de loi 4908 iwwert datselwecht Thema.

Den Här Rippinger freet d'Wuert zum Ordre du jour.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir waren en Donneschdeg an der Conférence des Présidents saiséiert mat enger Motioun, déi erabruecht ginn ass vun der sozialistescher Fraktioun, plus particulièrement vum Här Jean Asselborn déposéiert ginn ass, iwwert den Irak. Mir woussten zu deem Zäitpunkt, dass d'Mme Ausseminister mat dem Grand-Duc op enger Statsvisite wär an Tschechien. Zu deem Zäitpunkt konnte mir net soen, ob mir kënnten dës Woch déi Motioun hei an der Chamber évacuéieren.

D'Mme Ausseminister huet eis awer wësse gedinn, dass se en Donneschdeg extra erëm géing kommen an disponibel wär, fir zu där Irak-Motioun vun der sozialistescher Fraktioun Stellung ze huelen.

Wann d'Chamber also d'accord ass, fir hiren Ordre du jour ze modifiéieren an deem Sënn, datt mir en Donneschdeg de Mëtteg direkt déi Motioun géingen huelen an duerno d'Gesetz iwwert de Logement, sou wéi et virgesinn ass. Wann d'Chamber domat d'accord ass, an och den Här Asselborn. Ech mengen iwwregens d'Mme Ausseminister huet mat him geschwat, an ech présupposéieren säin Accord an och dee vu senger Fraktioun. Mir wären dann also d'accord an der Chamber déi Irak-Motioun ze diskutéieren, sou wéi eist Reglement et virgesäit. D'Mme Ausseminister wär dann disponibel a kéim aus Tschechien erëm, fir dozou Stellung ze huelen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Den Här Lucien Weiler huet d'Wuert.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Här President, mir hunn näischt dogéint, dass déi Motioun en Donneschdeg op den Ordre du jour kënnt. Dat ass ganz gutt esou. Mee, wa mir den Ordre du jour awer elo scho musse modifizéieren, well ebe gewëss Contrainten do sinn, da solle mir awer fir éischt emol den Ordre du jour, dee mir haten, respektéieren an dès lors géif ech proposéieren, dass déi Motioun um Uschloss vun deene Projeten, déi mir fir en Donneschdeg virgesinn hunn, géif diskutéiert ginn.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Jean Asselborn.

**M. Jean Asselborn** *(LSAP)*.- Här President, ech sinn dës Kéier net, wéi fréier alt emol, mam Här Weiler d'accord. Ech sinn éischter mam Här Rippinger d'accord, dass een déi Motioun virhëlt, sou wéi dat ofgemaach ass, och mat der Mme Ausseminister, well et jo wichteg ass, dass si och hei am Parlament present ass. Si hätt Zäit um halwer dräi hei ze sinn, huet si mir gesot. Duerfir géing ech mengen, dass et gutt wär, wann dat um halwer dräi en Donneschdeg géif op den Ordre du jour kommen.

**M. le Président**.- Wann dat esou ass, dann ass all Mënsch domat d'accord.

***(Hilarité)***

Wa si nëmme kann um halwer dräi hei sinn, dann et jo awer kloer, mir kënnen dann net aneschters soen.

Den Här Minister Boden huet d'Wuert.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Här President, ursprünglech war virgesinn, datt de Projet de loi iwwert de Wunnengsbau sollt mëttwochs kommen.

**M. le Président**.- Jo.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- D'Mme Brasseur huet mech gefrot, ob si kéint mëttwochs déi Projeten iwwert den Enseignement maachen. Ech war domat d'accord an hu gesot, ech hätt donneschdes och eng Obligatioun a misst eng gewëssen Zäit fortgoen. Et ass mir versprach ginn, datt spéitstens bis halwer siwen an der Chamber iwwert dee Projet géing diskutéiert ginn.

Ech géif dofir bieden, och deenen anere Leit hir Contrainten zur Kenntnis ze huelen. A wann d'Mme Polfer extra aus Tschechien erëm kënnt, da brauch se jo net esou an der Hetz hei an d'Chamber ze kommen. Ech mengen, dass een d'Irak-Motioun soll zum Schluss vun där Chamberssëtzung diskutéieren, wann de Projet de loi vun dem Wunnengsbau, deen och e wichtege Projet de loi ass, gestëmmt ass.

**M. le Président**.- Här Asselborn.

**M. Jean Asselborn** *(LSAP)*.- Ech mengen, dee probable Konflikt am Irak kënne mir schlecht verleeën, wann e sollt antrieden. Vu dass et e seriöse Problem ass, géif ech mengen, et sollt ee sech wierklech un dat halen, wat ofgemaach ass tëschent der Ausseministesch an deem, deen déi Motioun hannerluegt huet.

**M. le Président**.- Här Rippinger.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP)*.- Här President, ech muss Iech éierlech soen, fir mech ass et egal, ob deen ee fir d'éischt oder duerno schwätzt. Ech géing proposéieren, dass déi zwee Ministere sech géinge concertéieren a sech ofschwätzen, sou wéi dat ënner Kolleegen, de Fall sollt sinn, …

***(Interruption)***

… an der Chamber da matdeelen a wat fir enger Reiefolg se wéilte schwätzen.

***(Interruption)***

Ech weess elo scho wat kënnt: Mir si souverän, fir ze décidéieren, wien a wat. Ech muss Iech soen, mir ass dat esou breet ewéi laang. D'Mme Ausseminister ass disponibel. Wann den Här Boden gäre vir kënnt, da soll e virkommen. Da kënnt d'Mme Ausseminister duerno. Mir ass dat wierklech an och eiser Fraktioun ganz egal.

Ech hat éischter d'Impressioun, wéi wann déi Irak-Motioun, déi jo schonn eng Zäitche virläit, mir déi net konnten haut op eisen Ordre du jour huelen. Wichteg ass, dass se evakuéiert gëtt. Ob mir se elo virhuelen oder um Enn vun der Sitzung, dat ass zimlech egal. Ech sinn och d'accord, wann den Här Boden drop hält fir virzekommen, dass mir säi Projet virhuelen an d'Motioun dann duerno diskutéieren.

**M. le Président**.- Här Bausch.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech muss soen, dat ass jo schonn e ganz komesche Virgang, dee mir hei erliewen.

***(Interruption)***

Firwat sidd Dir dann esou nervös Här Rippinger? Loosst dach emol d'Leit schwätzen.

***(Interruption)***

Et ass net iergendeng Motioun Här Rippinger, wëll ech Iech drop hiweisen. Et ass eng Motioun, déi eng extrem grouss politesch Envergure huet, immens wichteg ass, an déi mir méi wichteg ass, wéi d'Terminschwieregkeete vun zwee klenge Lëtzebuerger Ministeren.

***(Protestations)***

Ech fannen dat et hei ëm e grousse Konflikt geet.

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Här President, ech wëll dat hei soen. Egal iwwer wat fir eng Motioun, datt mir an dëser Chamber diskutéieren, ….

***(Interruption)***

Hunn ech d'Wuert Här President oder den Här Rippinger?

**M. le Président**.- Ech fannen déi nei Sessioun, déi geet ganz gelungen un.

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Dat ass wouer.

**M. le Président**.- E Sträit opzefëiere wéinst enger Reiefolg vun engem Ordre du jour!

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Dir hutt Recht, Här President.

**M. le Président**.- Wann d'Ministeren do sinn, kënne se äntweren. A wa Si sech ënnerteneen arrangéieren, dass et méi spéit ass, dann ass et méi spéit. Wichteg ass, dass se dee festgesatenen Dag diskutéiert gëtt..

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wëll lech drop hiweisen, dass leschten Donneschdeg d'Conférence des Présidents den Ordre du jour festgehalen huet. Deen Ordre du jour hu mir schonn eng Kéier geännert, wou mir telefonéiert kritt hunn iwwert de Weekend, fir en iwwer Bord ze geheien. Dat ass dat éischt.

Dat zweet ass, dass entre-temps deen Deputéierten, deen déi Motioun agereecht huet, sech mat där zoustänneger Ministesch arrangéiert huet, fir déi Motioun op den Ordre du jour ze setzen. Anscheinend ass dat och elo net genehm. Drëttens, mengen ech, dass bei enger Motioun d'Chamber eng Meenung ausdréckt par rapport zu der Regierung, mee da fannen ech awer, dass dat mannst ass, wa mir schonn no jiddferengem senge Wënsch heibanne kucken, dass och gekuckt gëtt, no de Wënsch vun deenen eenzelne Fraktiounen an dëser Chamber. Et huet nach kee gefrot, ob et zum Beispill deenen eenzelne Spriecher an de Fraktiounen, déi zoustänneg si fir dee Ressort, och geet.

Ech mengen, dat ass mindestens esou vill wäert, fir dat ze diskutéieren, wéi datt mir elo hei nëmmen driwwer diskutéieren op eenzel Ministere grad Zäit hunn an dëst Parlament ze kommen, fir iwwer eppes mat ze diskutéieren, wou se eigentlech am Fong net bräichten hei ze sinn, menger Meenung no, well hei geet et drëm, datt d'Chamber eng Meenung ausdréckt zu engem schwéierwiegende Konflikt.

**M. le Président**.- Den Här Krecké.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Här President. Ech stelle fest, dass déi zwee Ministeren um halwer dräi disponibel sinn. Et ass un der Chamber ze décidéieren, mat wat dass mir ufänken, net un de Ministeren.

Dem Här Boden kann ech d'Assurance ginn, mir hunn e Modell 2 virgesi fir de Logement an hu souwéisou nëmme limitéiert Zäit fir déi Motioun. Dir wësst, dass e Spriecher 5 Minutten huet. Et kann ee sech liicht ausrechnen, dass et net iwwer eng hallef Stonn erausgeet. Ech gleewen net, dass déi hallef Stonn Iech rett. Virun halwer siwen ass déi Sitzung hei eriwwer an dofir pro-

poséieren ech Iech bei där Propos vum Här Rippinger ze bleiwen. Mir fänken u mat der Irak-Motioun. D'Chamber soll dat décidéieren. An duerno, déi Décisiounen déi ustinn iwwert de Logement. An dat en toute sérinité ze maachen. Da brauch keen eng Zack aus der Kroun hei ze verléieren. Mir sollen dat an aller Rou maachen, Här President.

**M. le Président**.- Här Weiler.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Déi Diskussioun hei ass jo elo scho relativ peinlech. Mir hunn en Ordre du jour gehat. De Logementsprojet vum Här Boden steet als éischten um Ordre du jour. Mir hunn elo eng Motioun vun de Sozialisten iwwert den Irak. Ech hu proposéiert gehat, fir d'éischt de Projet vum Här Boden ze huelen an duerno d'Motioun. Den Här Rippinger huet gesot, dass en domatter kéint liewen, dass en domat d'accord wär. Also hu mir zwou Proposen hei virleien.

Här President, loosst elo ofstëmmen, an dann hu mir en Ordre du jour.

**M. le Président**.- Mir stëmme par main levée of iwwer déi Propositioun déi den Här Rippinger gemaach huet.

***Vote***

Wie mat där Propositioun d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

***(Interruptions)***

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Här President, wat ass dann d'Propositioun vum Här Rippinger?

**M. le Président**.- En hélt den Ordre du jour un, wéi en hei ass mat der Zugab, dass um halwer dräi mer mat der Motioun ufänken.

Ech fuere mam Vote weider.

Wien ass dergéint?

Et besteet keen Zweifel, d'Majoritéit ass derfir. Den Ordre du jour ass esou ugeholl, dass mir um halwer dräi mat der Motioun ufänken.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung geet weider.

Den Här Grethen freet d'Wuert.

## 4. Dépôt d'un projet de loi

**M. Henri Grethen**, *Ministre des Transports*.- Ech sinn duerch Arrêté grand-ducal vum 20. September 2002 autoriséiert e Gesetzesprojet ze déposéieren, wat d'Gesetz vum 10. Mee 1995 iwwert d'Gestioun vun der Infrastructure ferroviaire ofännert.

- Projet de loi 5032 modifiant la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire.

**M. le Président**.- D'Chamber hélt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Minister Grethen. De Projet gëtt un déi zoustänneg Instanze weidergeleet.

Mir kommen elo zur Question urgente vum Här Jos Scheuer iwwert d'Drénkwaasserverschmotzung.

***(Brouhaha général)***

Den Här Innenminister Wolter hélt Stellung derzou. Den Här Scheuer huet fënnef Minutten Zäit an den Här Minister zéng Minutten, fir drop ze äntwerten. Den Här Scheuer huet Wuert.

## 5. Question urgente 1847 de M. Jos Scheuer relative à la pollution bactérienne de l'eau potable

**M. Jos Scheuer** *(LSAP)*.- Merci, Här President, et ass keng Fro iwwert d'Drénkwaasserverschmotzung zu Iechternach, et ass eng Fro iwwert d'Drénkwaasserverschmotzung zu Lëtzebuerg, et geet iwwert dat Lokaalt eraus.

D'Drénkwaasserversuergung ass no engem komplizéierte System opgebaut. Eng ganz Serie vu Gemengen hunn eng eege Waasserversuergung. Deelweis si Syndikater zoustänneg. Deelweis ginn an dat Leitungsnetz dann nach eenzel Quelle mat agespeist. Kee kann eng Garantie ginn, datt net an deen een oder an deen anere System Bakterien erakommen, datt eng Verseuchung stattfënnt, datt eng Veronrengegung stattfënnt. Och eng Duebelversuergung, och eng Duebelofsécherung gëtt keng absolut Garantie. Ech wëll betounen, datt vill Gemengen, dorënner déi Iechternacher, bereet sinn, fir eng Duebelversuergung vun hire Leit mat Drénkwaasser ze plangen an an d'Wee ze leeden.

Bon, a leschter Zäit ass et elo zu enger ganzer Serie vu Pollutioune komm. Déi Pollutioune suerge fir eng ganz grouss Onrou ënnert der Bevölkerung. D'Verschmotzung vum Drénkwaasser erregt ëmmer Aangscht bei de Leit. Dat kann een net trivialiséieren. Dat dierf een net trivialiséieren. Do muss ee seriö op déi Froen äntwerten, déi sech stellen.

Dowéinst meng Fro un den Inneminister: A wat fir enge Gemenge si bakteriell Pollutioune a leschter Zäit festgestallt ginn? Kann de Minister konfirméieren, datt et sech dobäi ëm Kolibakterien handelt, respektiv kënnen nach aner Facteuren an där Pollutioun do matspillen? Wat sinn d'Ursaachen oder déi méiglech Ursaache vun esou Pollutiounen? An natierlech dorun uschléissend: Wat fir en Impakt kënnen esou Pollutiounen op d'Consommateuren huelen, a wéi kann ee sech dergéint wieren? Wat fir eng Preventiounsméiglechkeeten hunn d'Gemengen, respektiv huet de Stat?

Dann déi lescht Fro, déi geet awer iwwert dat do eraus. D'Gemengen mussen hir Leit informéieren, or verfügen se net iwwert déi Servicer, déi de Stat huet, fir d'Leit a Kenntnis ze setze vun dem Impakt vun esou Pollutiounen op déi eenzel Leit, an zwar op d'Risikogruppen, dann awer och op d'Allgemengheet. Dat féiert derzou, datt munchmol Panik ausbrécht. Dat féiert awer och derzou, datt et erofgespillt gëtt. D'Gemenge sinn net à même, fir déi Informatiounen un hir Bierger weider ze ginn, déi gebraucht ginn um wëssenschaftlechen Niveau, um medezineschen Niveau a souguer um techneschen Niveau.

Déi lescht Fro ass déi hei: Wéi gedenkt de Minister eng Kollaboratioun tëschent de Gemengen an tëschent dem Stat um Niveau vun der Informatioun virzegesinn?

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Innenminister Michel Wolter.

**M. Michel Wolter**, *Ministre de l'Intérieur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi verschidde Froen, déi den Här Scheuer gestallt huet, wéilt ech folgendermoosse beäntwerten.

Déi lescht Wochen huet dem Innenministère säi Waasser- an Ëmweltlaboratoire, deem seng Missioun et ënner anerem ass offiziell Kontrolle vun den Analyse vum Drénkwaasser duerchzeféieren, dat vum hoffentlech Réseau verdeelt gëtt, a verschiddene Gemenge bakteriologesch Verschmotzunge vu Waasser festgestallt.

Esou wéi een dat an der Press konnt noliese war dëst de Fall an de Gemenge Jonglënster, Manternach, Lëntgen an Iechternach. An dësem prezise Fall huet d'Waasser Colibakterien enthalen, a méi genau Colibakterien, déi e fäkalen Ursprung hunn, ënner anerem sou genannt "Escherichia Coli". D'Presenz vun esou Bakterien am Waasser mécht Drénkwaasser ongëeegent fir jiddfer direkte Verbrauch.

Verschidde Colibakterien, ënner anerem den Typ 157, sinn nämlech verantwortlech fir schwéier Gastroentériten. Hir Presenz léisst des Weideren op d'Optriede vun enger ganzer Rei anere krankheetserregende Mikroorganisme schléissen, wéi zum Beispill Viren, aner Type vu Bakterien ewéi Salmonellen oder Shigellaen oder awer Eenzelzeller, wéi "Giardia Lamblia" oder "Kriptosporiden" D'Presenz vun esou Mikroorganisme stellt eng reell Gefor fir Puppelcher a Persoune mat engem geschwächten Immunsystem duer, wéi zum Beispill chronesch krank oder al Leit.

Esou bakteriologesch Pollutiounen entstinn am Allgemengen duerch eng direkt Contaminatioun vum Drénkwaasser duerch Uewerflächewaasser. D'Uewerflächewaasser transportéiert nämlech déi virdru genannte Bakterien a ganz grousser Zuel. Et gëtt verschidde Méiglechkeeten vun esou enger direkter Contaminatioun, esou zum Beispill eng strukturell Schwächt um Niveau vum Captage oder an enger Drénkwaasserleitung kënnen d'Ursaach vun esou enger direkter Infiltratioun sinn.

Des Weidere kënnt et vir, datt Drénkwaasser duerch e private Pëtz oder eng Reewaassernotzanlag verschmotzt gëtt, wann de Waasserdrock op der Säit vum privaten hausinterne Réseau duerch iwwerhéichten Drock an den öffentlechen Drénkwaasserréseau eran dréckt. Schlussendlech kann et sech och ëm en natierleche Phenomeen handelen, dann, wann eng Oder am Fiels fräigespullt ginn ass no engem kräftege Reen, well dann d'Waasser ze vill schnell an d'Nappe phréatique infiltréiert, déi d'Quell mat Waasser versuergt.

Den neie Règlement grand-ducal iwwert d'Drénkwaasser, deen an dësen nächsten Deeg wäert am Mémorial veröffentlecht ginn, gesäit eng Rei vu Mesurë vir, déi, esouwäit wéi dat méiglech ass, verhënnere sollen, datt esou Situatiounen sech widderhuelen. Laut dësem Text, dee schonns den 8. Mäerz vum Regierungsrot approuvéiert ginn ass, an duerno vum Statsrot a vun deene verschiddene Berufschambere begutacht ginn ass, sinn all d'Waasserdistributeuren: d'Gemengen oder d'Syndikater, verflicht hir Drénkwaasserréseauen engem Audit ze ënnerwerfen, deen en technesch detailléierten Dossier begräift, dee vun der Quell bis zum Konsument geet. Mat enger Risikoanalys an engem Plan d'urgence, deen a Gang muss gesat ginn am Fall, wou esou eng Pollutioun virkënnt.

Meng Servicer stinn da selbstverständlech deene verschiddenen Acteuren zur Verfügung, fir se bei der Elaboratioun vun dësen Dokumenter ze ënnerstëtzen. Ech géif nach gären ënnersträichen, datt eise Waasser- an Ëmweltlaboratoire ëmmer am Fall vun enger Kris enk mat den zoustännegen Autoritéiten zesummeschafft, fir d'Problemer ze léisen.

Wat elo nach d'Informatiounsmoyene betrëfft, stellt den Innenministère am Prinzip - an zu Iechternach war dat och de Fall - de Gemengen eng zweesproocheg Circulaire mat verschiddene Recommandatiounen zur Verfügung. Et ass dann un dem Waasserdistributeur ze décidéieren, iwwer wat fir e Wee si oder hien hire Leit dës Informatioun zoukomme léisst. Mir roden hinnen des Weideren ëmmer, d'Bierger duerch geschriwwen a geschwate Press ze informéieren.

Wéi den Här Scheuer scho richteg am Punkt siwe vu senger Fro bemierkt huet, läit d'Drénkwaasserversuergung an der Responsabilitéit vun eise Gemengen. Ganz generell muss ee soen, datt et waasserpolitesch Sënn mécht, datt een als gudden Distributeur preventiv Moossnamen ergräift, fir all Pollutioun vun där Zort ze évitéieren, an datt deen haut komplexen a sensiblen Domän eng professionell Gestioun verlaangt. Ech kann also nëmmen nach eng Kéier, wéi ech dat schonn oft gemaach hunn, eise Gemenge roden sech a gréissere Strukturen, spréch d'Gemengesyndikater, zesummen ze doen, fir eng optimal Waasserversuergung ze garantéieren. An esou Strukture fënnt een dann eng Noutléisung, wann emol eng Quell verseet. Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Dee Punkt wier dann domadder ofgeschloss, a mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4784 iwwert d'Activités privées de gardiennage et de surveillance. Et si schonn agedroen déi Häre Mosar, Klein, d'Madame Beissel, den Här Henckes, d'Madame Wagener an den Här Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Patrick Santer.

## 6. 4784 - Projet de loi relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance

***Rapport de la Commission juridique***

**M. Patrick Santer** *(CSV)*, *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng vun den Haaptaufgabe vum Stat ass ëmmer gewiescht, fir d'Sécherheet vun senge Bierger zu suergen. Och wann d'Sécherheet eng Charakteristik vun der staatlecher Souveränitéit ass, si privat-kommerziell Initiativen an d'Liewen geruff ginn, fir zousätzlech preventiv Sécherheetsmoossnamen unzebidden. Et gong bei dëse privaten Initiativen net drëms op Onzoulänglechkeete vu staatlecher Säit beim Ausdroe vu sengen Aufgaben hinzeweisen. Déi privat Sécherheetsgesellschafte bidde vill méi e personaliséierte preventive Service un, wéinst méi héije Risikostrofdoten, ob dëse méi héije Risiko reell ass oder och net.

D'Servicer vun de private Sécherheetsgesellschaften ënnerscheede sech also vun den Aufgabe vum Stat, andeem se nëmmen e preventive Charakter hunn, an andeem se nëmme privat-, an oder kommerziell Intérête beschütze sollen. Fir esouwuel Clienten a Salariéë vu private Sécherheetsgesellschafte géint ee Manktum u Professionalissem oder Seriö vun esou Gesellschaften ze schützen, huet de Gesetzgeber duerch e Gesetz vum 6.Juni 1990 den Accès zu esou engem Beruff reglementéiert.

Beim Gesetzesprojet 4784, dee mer haut wäerten ofstëmmen, ersetze mer d'Gesetz vum 6. Juni 1990. Ëmmer méi brutal Iwwerfäll, mat der Uwendung vun ëmmer méi staarke Waffen a Sprengstoff, déi zu schwéiere Verletzungen an och trageschen Doudesfäll bei de Salariéë vu Sécherheetsfirmaen a Passante gefouert hunn, hunn et noutwendeg gemaach, dat den Accès zum Beruff vun de Sécherheetsgesellschaften, iwwerduecht a preziséiert huet misse ginn. De Projet de loi 4784 versteet sech also als en Instrument, dat besonnesch den Accès zum Beruff vun enger Sécherheetsfirma duerch eng bestëmmten Unzuel vun Oploe konditionéiert. Folgend Aktivitéite falen ënnert de Gesetzesprojet :

1. D'Iwwerwaachung vun Immobilien a Biens immobiliers,

2. d'Gestioun vun Alarmsystemer,

3. d'Geld- an d'Wäerttransporter, a

4. de Persouneschutz.

De Persouneschutz ass duerch Amendement vun der Commission juridique an de Gesetzesprojet komm. D'Kommissioun hat och nach wollten d'Persounekontrollen, déi am Kader vun öffentleche Manifestatiounen, wéi Concerten oder sportlech Aktivitéite stattfannen, an de Projet de loi matabannen. De Statsrot huet awer eng Opposition formelle géint dës lescht Ausweidung vum Projet gemaach a bemängelt, dass eise Virschlag, deen zwar vun der belscher Législatioun inspiréiert wor, onkloer Kritären an Akten, ënnert deenen eng Persounekontroll kënnt duerchgefouert ginn, festleet. D'Kommissioun huet dëser Opposition formelle Rechnung gedroen, mä ass awer nach ëmmer der Meenung, dass esou Persounekontrolle musse reglementéiert ginn. An deem Sënn, reechen ech elo eng Motioun an, déi d'Regierung invitéiert, separat an engem Gesetzesprojet dës Persounekontrollen ze reglementéieren.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que les organisateurs de manifestations publiques, notamment dans le domaine sportif ou culturel, recourent régulièrement à des entreprises privées de gardiennage et de surveillance pour assurer la surveillance et la protection des personnes dans le cadre du maintien de la sécurité;*

*- considérant que la législation luxembourgeoise actuellement applicable ne réglemente pas spécifiquement cette activité assurée par des entreprises privées,*

*- considérant que le silence de loi peut s'avérer problématique en termes de sécurité juridique et de protection des libertés individuelles dont notamment le droit au respect de la vie privée;*

*- considérant que dans le cadre des travaux portant sur le projet de loi n°4784 relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance, la Commission juridique a reconnu la nécessité d'une réglementation de l'activité précitée;*

*- considérant que la loi belge du 10 avril 1990 sur les entreprises de gardiennage, les entreprises de sécurité et les services internes de gardiennage, telle qu'elle a été modifiée, réglemente la surveillance et le contrôle de personnes dans le cadre du maintien de la sécurité dans les lieux accessibles au public;*

*invite le Gouvernement*

*- à élaborer un projet de loi visant à réglementer l'activité de surveillance et de protection des personnes, exercée par des entreprises privées, dans le cadre du maintien de la sécurité dans les lieux accessibles au public.*

*(s.) Patrick Santer, Simone Beissel, Xavier Bettel, Laurent Mosar, Lucien Weiler.*

Eng lescht Prezisioun iwwert den Uwendungsberäich vum Projet de loi gouf laang a breet an der Kommissioun diskutéiert. De Projet de loi fënnt nëmmen Uwendung, wann déi Activités de gardiennage et de surveillance fir Drëttpersounen ausgefouert ginn. Besonnesch ënnersicht goufen hei d'Méiglechkeete fir eng Gesellschaft oder eng Persoun, fir selwer Geld oder aner Wäertsaachen ze transportéieren. Wann esou eng Transportaktivitéit vum Stat, enger Verwaltung oder engem Etablissement public ausgefouert gëtt, muss een op d'Gesetz vum 19. Mäerz 1988 verweisen. Dëst Gesetz werft awer zwee Problemer op:

1. Et applizéiert sech nëmmen op d'Etablissements publics, déi beim Akraafttriede vun deemselwechte Gesetz bestanen hunn. d'Spuerkeess, d'Post an d'Zentralbank falen also net drënner.

2. D'Gesetz vum 19. Mäerz 1988 gesäit vir, datt e Règlement grand-ducal ka bestëmmte Sécherheetsmoossname virgesinn. Ech zitéieren: "Pour les instituts et services manipulant des fonds". Esou e Règlement grand-ducal ass awer bis elo ni geholl ginn.

Dofir wäert elo d'Regierung d'Gesetz vum 19. Mäerz 1988 op all Etablissement public ausweiden, an déi spezifesch Sécherheetsmoossnamen an engem Règlement grand-ducal festhalen.

Am Privatsecteur, besonnesch op der Finanzplaz, gi Geld- a Wäertsaachen an der Praxis ëmmer duerch Sécherheetsgesellschaften duerchgefouert. D'Kommissioun huet d'Meenung vertrueden, datt wann dëse Gesetzesprojet den Accès zu den Activités privées de gardiennage et de surveillance reglementéiert, der Philosophie an der Struktur vum Projet net géif Rechnung gedroe ginn, wa mer och géifen déi vun eegen Initiativ ausgedroen Aktivitéite mat hei abezéien.

D'Struktur vum Gesetz ass déi folgend: Fir d'éischt ginn déi allgemeng Bedingunge festgeluegt, fir eng Activité de gardiennage et de surveillance ausüben ze kënnen. An de Sektiounen II bis IV gi fir bestëmmten Aktivitéite weider speziell Oploe virgesinn. D'Sektioun VI gesäit d'Obligatioun, déi verschidde Clienten, déi sech u Geldtransporteuren wenden, mussen erfëllen. D'Dispositions pénales ginn a der Sektioun VII geregelt, an d'Akraafttriede vum Gesetz an der Sektioun VIII.

Wat déi allgemeng gülteg Bestëmmungen ugeet, huet d'Kommissioun de System vun der duebler Autorisatioun gutt geheescht. Den Interesséierte muss souwuel eng Autorisatioun vum Mëttelstandsminister, ënnert dem Gesetz vum 28. Dezember 1988, wéi eng Autorisatioun vum Justizminister virweise kënnen. Esou e System, deen et erlaabt bei den Interimsgesellschaften, wou een eng Autorisatioun vum Justizminister, dem Mëttelstandsminister an eng Autorisatioun vum Aarbechtsminister brauch, ass vum Statsrot a Fro gestallt ginn, dee gemengt huet, datt d'Autorisatioun vum Justizminister iwwerflësseg wier. Deem ass awer net esou.

Wann de Mëttelstandsminister éischter déi berufflech Kenntnisser, also d'Expérience professionnelle an d'Honorabilitéit vum Requérant iwwerpréift, begräift d'Autorisatioun vum Justizminister den interne Fonctionnement vum Betrib an d'Honorabilitéit vum Personal. An der Praxis ass et méiglech oder wäert et méiglech sinn, dës zwou Autorisatiounsprozedure parallell lafen ze loossen, och wann de Justizminister

seng Autorisatioun nëmme gëtt, wann déi vum Mëttelstandsminister virläit.

Deejéinegen, deen eng Sécherheetsfirma bedreiwen oder Sécherheetsaktivitéiten ausübe wëllt, muss eng Demande un de Justizminister reechen. Folgend Informatioune mussen dra stoen : D'Identitéit vum Requérant, wann et eng Gesellschaft ass, d'Statute vun der Gesellschaft, an e Casier vun den Dirigenten, d'Beschreiwung vun den Aktivitéiten, d'Opstellung vun den technesche Moyenen, d'Lëscht vum Personal, d'Beschreiwung vun der Uniform, d'Beschreiwung vum Spezimen vun der Carte de légitimation, déi d'Personal ëmmer muss virweisen, an de Reglement de service. Doniewent musse spezial Bedingungen erfëllt ginn. Ech wäert duerno nach kuerz op déi zréckkommen.

D'Autorisatioun gëtt fir fënnef Joer ausgestallt, a kann ëmmer fir fënnef Joer verlängert ginn. D'Autorisatioun muss zréckgezu ginn, wann de Requérant sech net un d'Gesetzer hält, wann en d'Bedingungen, déi an der Autorisatioun kënne festgehale ginn, net méi erfëllt, oder wann d'Bedingunge wat Personal, technesch Moyenen oder déi professionell Honorabilitéit net méi erfëllt sinn.

Ech wëll kuerz op dräi vun deenen allgemeng gültege Bedingungen zréckkommen:

1. D'Lëscht vum Personal. Et si hei déi Salariéen, déi sech ëm d'Sécherheetsaktivitéiten bekëmmeren. Also sinn dovunner ausgeschloss d'Sekretärinnen, d'Kontablen oder d'Juristen. Dëst Personal muss vum Justizminister agréémiert ginn. Well et jo net viraus ze gesinn ass, ob een iwwerhaapt eng Autorisatioun kritt, ass et méiglech an engem éischte Stadium, eng Autorisation de principe ze kréien, op där een dann dat néidegt Personal astellt, an déi noutwenneg technesch Moyene keeft. Dës Autorisation de principe schaaft awer keen Droit acquis op d'Ausstellung vun der definitiver Autorisatioun, déi als eenzeg ka vum Gericht attackéiert ginn. An enger Entrevue mam Aarbechtsminister gouf der Kommissioun och bestätegt, datt een op Aarbechtsverträg, sous conditions suspensibles, an eisem Fall, d'Ausstelle vun der definitiver Autorisatioun, kann zréckgräifen.

2. D'Uniformen. D'Uniform däerf net mat där vun der Polizei verwiesselt ginn. D'Uniform kann an engem Fall, deen op d'Propos vum Justizminister an de Projet de loi mat agebaut gouf a vum Statsrot guttgeheescht gouf, net gedroe ginn. Wann e Geldtransport vun engem banaliséierten Auto begleet gëtt, brauch deejéinegen, deen am banaliséierten Auto fiert, keng Uniform ze droen. Et wier jo absurd gewiescht, banaliséiert Autoen zouzeloossen, wéi dat elo schonn de Fall ass, an eng Uniform zur selwechter Zäit virzeschreiwen.

3. De Règlement de service: De Règlement de service ass dat vum Justizminister agréémiert Dokument, dat festhale soll, wéi d'Sécherheetspersonal sech muss verhalen. D'Prinzipië vun der légitime défense, vum Secret professionnel, d'Referenzpersoun am Noutfall, d'Koordinatioun vun der Police, den Ëmgank mat de Waffen, mussen ënner anerem dra festgehale ginn. Et muss een ervirhiewen, datt wat de Gebrauch vun de Waffen ugeet, datt éischtens e Waffeschäin virleie muss an datt zweetens d'Sécherheetsfirma regelméisseg Schéissexercicen organiséiere muss.

Den Inhalt vun esou engem Règlement de service kann nach op weider Punkten ergänzt ginn. Hei denkt een zum Beispill, déi vu verschidde Säiten an der Press - ouni mat der Kommissioun oder mat mir selwer Kontakt ze sichen - gefrote Formation contenue. Hei ass, a mengen Aen, deen esou wichtegen Dialogue social gefuerdert, Dat geet jo fein an anere Secteuren, firwat net hei? An och wann een d'Formation continue am Règlement de service festgehalen hätt, wier den Inhalt vun därselwechter nach ëmmer net preziséiert.

Déi speziell Bedingungen hänke vun deene jeeweilegen Aktivitéiten of. Op der Säit 9 vu mengem Rapport hunn ech versicht an engem Tableau déi Bedingungen opzestellen. Et geet hei ëm Mindestunzuel vu Sécherheetspersonal, Déngschtautoen, Prezisiounen zum Règlement de service. Dës Bedingunge si kumulativ. An anere Wierder muss de Requérant all Bedingunge pro Aktivitéit, déi en ausübe wëllt, erfëllen. Zum Beispill wann eng Persoun, souwuel d'Gestioun vun Alarmsystemer a Geldtransporter bedreiwe wëllt, muss se op d'mannst, ënner anerem, 40 Agenten astellen, dräi Fourgonen a sechs Déngschtautoe kafen.

Nach e Wuert zu de Fourgonen. Et gëtt dësem Projet virgeworf, datt d'Adjektiv "blindé" erausgeholl gouf, an datt een elo nëmme méi vu Fourgone schwätzt, an net méi vu Fourgons blindés. De Statsrot wor mat der Propositioun vum Justizminister, déi d'Kommissioun iwwerholl huet, averstanen. E Règlement grand-ducal muss déi Bedingungen, wat Sécherheet vun de Fourgonen ugeet, festleeën. Nëmmen esou kann eng séier Adaptatioun zu den technesche Fortschrëtter realiséiert ginn.

De leschten Deel vu mengem mëndleche Rapport gëllt dem Endroit sécurisé. Et sinn dat d'Plaze wou beim Client vun de d'Sécherheetsfirmae Geld oder Wäertsaache geliwwert, respektiv ofgeholl ginn. Am initiale Projet gouf ee Mécanisme à double détente geschafen. De Client, deen op d'mannst eemol an der Woch op e Geld- oder Wäertsaachentransport zréckgräift, muss ee Sas fir de Fourgon oder e Sas mural virgesinn. Wann dat net méiglech ass, misst de Client eng Parkplaz, e Local sécurisé, Iwwerwaachungssystemer an eng Alaramzentral virgesinn.

D'Kommissioun huet gefaart, datt d'Oplo vun engem Sas ni wäert erfëllt ginn, an datt een direkt op d'Ofweisbedingunge géif zréckgräifen, besonnesch an deene Fäll, wou de Client net Propriétaire vu sengem Lokal ass, an net alles kann ëmbauen, oder awer vun der Gemeng oder vu staatlecher Säit esou e Sas net erlaabt ass. Dofir huet d'Kommissioun, mam Averständnis vum Statsrot, et besser fonnt, direkt an exklusiv déi an zweeter Positioun opgefouert Bedingungen zréckzehalen. Dat heescht, eng Parkplaz fir de Fourgon, e Local sécurisé, en Iwwerwaachungsystem an eng Alarmzentral fir den Noutfall. Dës Bedingunge si scho schwéier genuch anzehalen, wann ee sech d'Konfiguratioun vun deene meeschte Bankagencen, fir nëmmen déi ze nennen, ukuckt.

Mir wëlle jo richteg a realistesch Sécherheetsvirkéierunge fir d'Personal vun de Sécherheetsfirmae schafen. E regelméissege Client vu Sécherheetsgesellschaften huet ee Joer vum Akraafttriede vum Gesetz un, fir dësem Gesetz gerecht ze ginn. Déi, déi dat net maachen, kënnen op eng duebel Aart a Weis bestrooft ginn. Éischtens, mä dat steet net am Gesetz, kënne se vun de Versécherungsgesellschafte méi héich Primen ze bezuele kréien, an zweetens kann de Justizminister de Sécherheetsfirmae verbidden, dëse Clienten ze liwweren, wéi et am leschten Abschnitt vum Artikel 29 festgehalen ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no eelef Sëtzunge vun der Kommissioun, wou mer nach sëllech Entrevuen hate mam Här Aarbechtsminister, mam Statssekretär vun der Fonction publique, engem Vertrieder vun der Post, dem Inspecteur général de la Sécurité dans la Fonction publique an den Direkter vun der Gewerbeinspektioun, hu mer elo en Text virleien, deen eng seriö Approche fir den Accès vun den Activités privées de gardiennage et de surveillance regelt. Et ass grondfalsch, fir an dësem Text entweder en Allheilmëttel géint Iwwerfäll op Geldtransporter, oder eng allëmfaassend Regelung vun den Aktivitéite vun de Sécherheetsfirmaen ze gesinn. Den Accès zu dëser Professioun gëtt geregelt. D'Bedingungen, fir se ausüben ze kënnen, gi festgeschriwwen. D'Honorabilitéit an de Professionalismus vun de Bedreiwer an dem Personal vun de Sécherheetsfirmae ginn iwwerpréift.

De Gesetzesprojet 4784 ass ee seriösen, ausgeglachenen a realisteschen Text, deen den Accès zu de Sécherheetsaktivitéiten deene Persoune léisst, déi d'Sécherheet vun hirem Personal an d'Qualitéit vun hire Servicer garantéiere kënnen.

Ech géif Iech also bieden de Projet de loi 4784 an där Versioun, wéi en an der Kommissioun ugeholl gouf, ze stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Laurent Mosar** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aleedend wëll ech mengem Fraktiounskolleg Patrick Santer merci soe fir seng exzellent Aarbecht, déi hien esouwuel an sengem schréftlechen, wéi an sengem mëndleche Rapport geleescht huet. Mir si vun him gewinnt, datt en och déi komplizéierst Matièrë genau a prezis a senge jeeweilege Rappore beschreift. En huet dat och erëm bei dësem Projet op eng kompetent Aart a Weis gemaach.

Ech wëll a menger Interventioun fir d'éischt e puer Wierder verléieren zu der Problematik vun der Koexistenz vum Stat an dem Privatsecteur, am Beräich vun de Sécherheetsdéngschtleeschtungen. Historesch gesinn zielt de Persounen- a Saacheschutz zu den traditionelle Missioune vum Service public. An anere Wierder hunn déi staatlech Organer, wéi Justiz a Polizei, d'Aufgab, dem Bierger seng physesch Integritéit a säi Besëtz ze schützen. Si sinn esouwuel op preventivem wéi repressivem Plang aktiv. Duerch d'Fusioun vu Gendarmerie a Police ass besonnesch de Volet vu der Preventioun méi wichteg ginn, an duerch méi eng grouss Presenz um Terrain soll d'Sécherheetsëmfanne vun de Bierger verstäerkt ginn.

Ech sinn dann och der Iwwerzeegung, datt dës Missiounen vun deene verschiddene staatlechen Institutiounen eescht geholl ginn, an domadder d'Sécherheetserwaardungen, déi den eenzele Bierger un de Stat stellt, och a groussem Mooss erfëllt ginn. Et muss een awer ëmmer erëm feststellen, datt de Persounen- a Saacheschutz ëmmer méi vu Privatentreprisen assuréiert gëtt. Am Géigensaz zu de Statsorganer hu si nëmme Recht um Niveau vu der Preventioun ze schaffen, a si hunn och keng Kompetenzen um Niveau vu der Strofverfolgung. Dës privat Sécherheetsfirmaen hunn an de leschten 20 Joer en erstaunleche Boom erlieft, wëll d'Zuel vun de Betriber substantiell a d'Luucht gaangen ass, mä awer ganz besonnesch well déi Betriber, déi haut hei implantéiert sinn, ëmmer méi Mataarbechter agestallt hunn, an och elo nach astellen.

Wat sinn déi déiwer Ursaache vun dëser Entwécklung? Hei kënnt ee sécherlech elo argumentéieren, andeem een en Ausdrock vu Mësstrauen an déi staatlech Kapazitéit fir déi öffentlech Sécherheet ze suergen, fir d'Evolutioun verantwortlech ze maachen. Et schéngt mer awer net richteg ze sinn, mä ech géif emol behaapten, datt ëmmer méi Entreprisen,awer och ganz besonnesch privat Persounen, de Wonsch hunn, e méi perséinlechen a personaliséierten Service ze kréien, fir hire spezifesche Risicken, deene si eben an hirem professionelle Liewen ausgesat sinn, besser entgéinttrieden. Esou huet beispillsweis e Finanzinstitut aner Risicken, domadder ee gesteigert Sécherheetsbedürfnis wéi aner Betriber.

Mä net nëmmen de Bankesecteur ass en importente Client fir des Branche. Och d'Geschäftswelt wennt sech ëmmer méi dem Déngscht vu private Sécherheetsfirmen zou.

Ech géif also nët behaapten, datt hei eng Konkurrenzsituatioun tëschent staatlechen Institutiounen a privaten Entreprisë besteet, well an der Praxis u sech d'Zesummenaarbecht vu staatleche Sécherheetsorganer an dëse private Sécherheetsfirmen eigentlech gutt fonctionnéiert, well hir jeeweileg Kompetenzen duerch d'Gesetz genau ofgegrenzt sinn. An deem Sënn sinn de Stat an de Privatsecteur komplementär. De Stat assuréiert e Service public am Beräich vun der allgemenger Sécherheet an der öffentlecher Rou, an hie vertrëtt den Intérêt général a steet am Déngscht vun alle Bierger. D'Sécherheetsfirmen op der anerer Säit verteidege privat a kommerziell, bidden e performante Service, a ginn dofir vun hirem Optraggeber bezuelt.

Bis elo huet dës Situatioun kaum zu Problemer gefouert, a mir sinn och nach wäit ewech vun Zoustänn, wéi se an eisen Nopeschlänner deelweis existéieren, wou sougenannte Privatentreprisen d'Sécherheet vun de Bierger garantéieren, well déi zoustänneg staatlech Organer dozou net méi amstand sinn.

Här President, et dass dofir dann och absolut noutwendeg gewiescht déi aktuell Gesetzgebung vum 6 Juni 1990 den aktuelle Bedürfnisser vum private Sécherheetssecteur unzepassen, an dëst haaptsächlech aus zwee Grënn eraus. Éischtens, an ech hunn dat scho virdru gesot, huet de Sécherheetssecteur eng staark Expansioun an de leschte Joren erlieft.

Zweetens huet awer och de grousse Banditismus net virun eisem Land Halt gemaach, an ech brauch Iech net un déi mat enger un eis ongewinntener grousser Brutalitéit duerchgeféiert Iwwerfäll op Geldtransporteuren ze erënneren. Eng Reform vun der aktueller Gesetzgebung ass also iwwerfälleg.

Et geet hei drëm, wéi de Rapporteur et jo schonn duergeluegt huet, fir déi Firmen, déi an dësem Secteur aktiv sinn, legislativ esou ze encadréieren, datt si eng héchst méiglech Qualitéit ubidden, dëst esou wuel um Niveau vun der berufflecher Qualifikatioun, wéi awer och der Honorabilitéit vun hire Mattaarbechter. Et geet awer och an dësem Gesetz drëm, fir déi Sécherheetsmoossname virzegesinn, déi en optimale Schutz vir Geldtransporter garantéieren. Hei ginn net nëmmen d'Firme selwer an d'Flicht geholl, déi an Zukunft hir Mattaarbechter op eng effizient Manéier musse géint Iwwerfäll schützen, mä awer och d'Cliente vun dëse Sécherheetsfirme mussen an Zukunt eng ganz Rei vun Oplagen erfëllen.

Ech wëll hei net am Detail op dës Bestëmmungen agoen, de Rapporter huet dat op eng extensiv Manéier an sengem schréftleche wéi och a sengem mëndleche Rapport gemaach.

D'zoustänneg Kommissioun huet allerdéngs dëse Projet op enger ganzer Rei vu Punkten amendéiert, an ech wëll mech dann och haaptsächlech mat deene Punkte beschäftegen.

Här President, een éischten Amendement betrëfft de Persouneschutz, dat heescht, de sougenanntene Beruff vum Bodyguard. De Regierungstext hat dësen Aspekt ausgeklammert, wat op Kritik vum Statsrot gestouss war. De Statsrot war awer bei dëse Kriticken net eleng, mä och d'Kommissioun huet gemengt, datt eigentlech de Persouneschutz misst ënnert de Champ d'application vun dësem Projet falen, an dofir huet dann och d'Kommissioun eng Definitioun vum Persouneschutz virgeschloen, an ech si perséinlech dovun iwwerzeegt, datt mat dësem Amendement eng Rei vu Garantien um Niveau vun der Honorabilitéit an der berufflecher Qualifikatioun vun deene Persounen, déi an Zukunft Persouneschutz wäerte maachen, och garantéiert gëtt.

Virun allem geet et awer iwwerhaapt emol an engem Gesetz fir d'Problematik vum Persouneschutz ze regelen, well dat bis elo jo net de Fall war. Déi zoustänneg Kommissioun hat awer och nach en zweeten Amendement proposéiert, deen d'Iwwerwaachung an de Schutz vu Persounen am Beräich vun der Sécherheet op öffentleche Plaze sollt regelen. Dëst ass och eng Matière, wou et am Moment guer keng Gesetzgebung gëtt, an et ass dann och zu Recht vun enger ganzer Rei vu Membre vun der Kommissioun kritiséiert ginn, datt op dësem Punkt onbedéngt misst légiféréiert ginn. Wa mer hei vun öffentleche Manifestatioune schwätzen, sou geet et virun allem ëm déi grouss, sportlech a kulturell Evénementer wéi Concerten, respektiv zum Beispill grouss Footballmatcher.

D'Kommissioun hat dann och eng ganz Rei vun Dispositioune virgeschloen, mä ass leider Gottes op d'Opposition formelle vum Statsrot gestouss, deen der Meenung war, datt dësen Text net géif déi néideg Garantië bidden, an och Froen opgeworf huet, notamment am Kontext vum Artikel 8 vun der europäescher Mënscherechtskonventioun iwwert de Respekt vum Privatliewen. Well dës Bedenken, an dat wëll ech awer hei ervirsträichen, sécherlech pertinent sinn, huet dann och d'Kommissioun hiren Amendement zréckgezunn, ouni awer nach eng Kéier op d'absolut Nécessitéit vun enger Reglementatioun och fir dëse Secteur hin ze weisen. Meng Fraktioun bleift dann och der Iwwerzeegung, datt een déi aktuell Situatioun vu Vide juridique muss reglementéieren, an ech géif dofir och där Motioun, déi de Rapporter virdrun déposéiert huet, d'Ënnerstëtzung vun der CSV-Fraktioun zousoen.

Allerdéngs, an dat well ech awer och hei betounen, muss eng Reglementatioun an dem Beräich d'Rechter an d'Flichte vun de Prestataires de services genaustens definéieren, a ganz besonnesch mussen och déi néideg Garantië fir de Bierger um Niveau vun de Grondrechter a ganz besonnesch op deene vum Schutz vun senger Privatsphär prezis festgeluegt ginn.

Finalement huet dann och nach d'Kommissioun iwwer d'Opportunitéit diskutéiert, fir den Uwendungsberäich vun dësem Projet op déi sougenannten Activités exercées pour son propre compte auszedeelen. Méi spezifesch ass et hei ëm de Beräich vum Secteur public gaangen, wéi zum Beispill d'Banque Centrale, d'Spuerkeess oder d'Post. Hei ass et fir d'Commission juridique evident gewiescht, an ech well dat och nach eng Kéier betounen, datt dës Wäerttransporter net manner strenge Bestëmmunge kënnen ënnerworf ginn, wéi déi am Privatsecteur. An do denken ech natierlech an éischter Linn un d'Sécherheet vun deene Leit, déi dës Transporter assuréieren.

De Problem, dee sech hei stellt, an de Rapporteur huet et virdrun och schonn eng Kéier virgedroen, ass deen, datt eben d'Etablissements publics, déi no Akraafttriede vum modifizéierte Gesetz vum 19. Mäerz 1988 iwwert d'Sécherheet an der Fonction publique geschafe gi sinn, net ënnert déi Gesetzgebung falen. Weiderhin, an dat ass eigentlech erstaunlech, ass de Règlement grand-ducal, dee speziell Sécherheetsmoossname fir Instituter a Servicer, déi Fonge manipuléieren, virgesäit, ni bis elo adoptéiert ginn. Wéi de Rapporter dann och schonn an sengen Ausféierunge virgedroen huet, hat d'Kommissioun dozou eng Entrevue mam zoustännege Statssekretär fir d'Fonction publique, deen der Kommissioun deemools zougesot huet, och op dësem Niveau wëllen ze légiféréieren. D'Kommissioun huet nämlech gemengt, et wär net sënnvoll, dëse ganze Volet vun der Sécherheet am staatleche Secteur an dëst Gesetz ze integréieren, well se d'Philosophie an d'Struktur vun deem Text, deen eigentlech d'Nidderloossungsrecht regelt, op d'Kopp geheit hätt.

Mir bleiwen awer der Iwwerzeegung, datt och am Secteur public eng optimal Sécherheet muss garantéiert ginn, wat Wäerttransporter ubetrëfft, an et däerf hei net zou enger Rechtsonsécherheet kommen. Dofir ass dann och de Minister vun der Fonction publique gefuerdert, fir an de schnellstméiglechen Délaien e Projet auszeschaffen, deen all Etablissementer aus dem Secteur public viséiert, dat onofhängeg vum Zäitpunkt, wou se an d'Liewe geruff gi sinn.

Doniewent muss och endlech dee Règlement grand-ducal iwwert déi speziell Sécherheetsbestëmmungen an dësem Secteur esou schnell wéi méiglech op den Instanzewee geschéckt ginn.

Här President, dir Dammen an dir Hären, schlussfolgernd géif ech wëllen zréckbehalen, datt dëse Gesetzesprojet, och wann e sécherlech net all Gebitter vum Schutz vu Persounen oder awer och Wäerttransporter ofdeckt, e gudden, modernen, awer ganz besonnesch e realisteschen Text ass. Hei denken ech dann och un déi Bestëmmungen, déi d'Kommissioun an hirer Majoritéit décidéiert huet ewech ze loossen, wat d'Sécherheetsbestëmmungen a Gebailechkeeten ubetrëfft, wouhin a vu wou Wäerttransporter assuréiert ginn. Hei waren am ursprünglechen Text eng ganz Rei vun Oplage festgeschriwwe ginn, déi awer an der Praxis dozou gefouert hätten, datt entweder iwwerhaapt keng Transporter méi hätte kënnen ausgeféiert ginn oder awer esou opwendeg Transformatiounsaarbechten mat sech gezunn hätten, datt et quasiment eng Saach vun der Onméiglechkeet gewiescht wär, fir d'Propriétairë vun esou Immeublen.

D'Approche, déi d'Kommissioun zréckbehalen huet, ass also eng, déi vun engem gesonde Realismus gedroen ass, an déi versicht optimal Sécherheetsbestëmmungen ze garantéieren, ouni op där anerer Säit awer dat Onméiglechst ze verlaangen, well och an dësem Beräich ass et wéi a villen, eng honnertprozenteg Sécherheet gëtt et souwisou net.

De Projet, dee mer haut an hei diskutéieren, bedeit awer sécher eng qualitativ Verbesserung um Niveau vun der Qualifikatioun an der Honorabilitéit vun deene betraffene Beruffer an e leet e Fundament, fir eng beschtméiglech Sécherheet bei Wäerttransporter. Dofir wäert d'CSV-Fraktioun och dëse Projet stëmmen. Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

**M. Jean-Pierre Klein** (*LSAP*).- Här President, dir Dammen an dir Hären. Merci dem Rapporteur fir säi Rapport. D'Ziel vun dësem Projet de loi ass ganz besonnesch fir déi Leit, déi am Beräich vum Geld- a Wäerttransport täteg sinn, eng verstäerkte Sécherheet a Protektioun ze verschafen. Dat gëtt och heiduerch deelweis erreecht. Dee Projet hei geet relativ wäit, mä an eisen Aen net wäit genuch. Mir hate geduecht, et hätt een hei nach kënnen aner Bestëmmunge mat erasetzen, déi nach méi Sécherheet a méi Protektioun fir déi Leit hätte kënne bréngen.

D'Gesetz vun 1990, dat dësen Domän de Moment behandelt, muss un déi aktuell Gegebenheeten ugepasst ginn. Mir wëssen nämlech, datt an der rezenter Zäit d'Iwwerfäll op dës Transporter eng gréisser Envergure ugeholl hunn, datt d'Kriminalitéit méi grouss Ausmoosse kritt huet, datt d'Executantë vun dësem Déngscht hiert Liewe gelooss hunn duerch Krimineller, déi versicht hu sech op dës an hir Manéier schnell ze beräicheren.

Et handelt sech awer och drëm fir de professionelle Privatpersounen oder Gesellschafte Virschréften ze maachen, déi och am Sënn vun der Sécherheet a vun der Protektioun vun hire Salariéë geduecht sinn.

Wat den Exercice vun dësen Aktivitéiten ubelaangt, ass virgesinn, datt déi Professionell déi autoriséiert si fir se auszeüben, nëmmen däerfen dat maache wa se déi zwou Autorisatiounen hunn, nämlech eng vum Minister vun der Justiz, an op der anerer Säit vum Minister vun de Classes moyennes. Si däerfen och nëmmen operéieren an deene vum Gesetz virgesinne Beräicher. Dat ass am Artikel 3 virgesinn, mat enger Ausnam, déi do virgesinn ass. Dat ass gutt esou.

Mussen a kënnen dës Firme sech voll a ganz op déi Aktivitéite konzentréieren a sech der Sécherheet vun hire Leit méi unhuelen. Si ginn och gepréift op hir Honorabilitéit an zwar zweemol. Engersäits vum Justizminister an och vum Minister vun de Classes moyennes. D'Firme musse sech och mat deem néidege Material an enger bestëmmter Zuel vu Leit équipéieren, fir hirer sensibler Aufgab gerecht ze ginn.

Wat interessant ass, dat ass de Règlement de service, dee fir d'Personal eng Leitlinn soll duerstellen. Do geet och speziell dovu Riets wéi den Agent sech bei der Ausübung vu sengem Beruff muss behuelen, wéi e sech vis-à-vis vun deenen anere Leit ze behuelen huet, a wéi e sech am Fall, wann en eng Waff dréit, ze behuelen huet.

Dat Lescht, d'Droe vun enger Waff, schéngt mir e sensible Punkt ze sinn, deen net liichtfäerteg ze behandelen ass, besonnesch am Zesummenhank mat der legitimer Défense, déi och am Règlement de service ugeschnidde gëtt. Op dësem Gebitt mussen d'Agenten ausféierlech opgekläert ginn, wat se ënnert "légitime défense" ze verstoen hunn, fir datt net liichtfankeg mat der Waff ëmgaange gëtt.

Iwwerhaapt ass net ze vergiessen, fir de Salariéen déi noutwendeg wichteg Opklärungen iwwert d'Ausübung vun hirem Beruff ze vermëttelen. Och ass d'Formatioun e ganz wichtegt Element, wat menger Meenung no hei an deem Règlement de service ze kuerz kënnt. Do misst méi intensiv driwwer geschwat ginn an et misst och e Programm bestoen, wéi déi Leit, déi agesat ginn an esou engem gefäierlechen Domän, musse forméiert ginn, och am Interesse vun hirer Sécherheet, an am Interesse vun der Sécherheet vun deenen aneren.

Am Zesummenhank mat dem Droe vun der Waff wollt ech nach drun erënneren, dass mir viru Jore schonn un engem neie Waffegesetz bricoléiert hunn. Den Här Jung deen ass Rapporteur. Mir haten do e puer memorabel Sitzungen. Mir hu jorelaang net méi driwwer geschwat. Et wier un der Zäit, wann ee géing dat Waffegesetz erëm aus der Mattekëscht erauszéien, an dass een dee Projet da kéint definitiv verabschieden. Mir haten do flott Sitzungen, interessant Sitzungen. Et ass schued, dass dat elo sou laang schleeft, ier mir erëm domadder virufueren. Zréck zum Règlement de service.

De Projet de loi gesäit e Minimum vu Regele vir. Dëst Reglement kënnt wéi gesot nach aner Bestëmmungen enthalen, misst och nach aner Bestëmmungen enthalen, Richtlinnen, déi da vum Patronat, vum Personal a vun hire Gewerkschafte verfeinert géife ginn, besonnesch erëm eng Kéier wat d'Sécherheet ubelaangt. An och ganz besonnesch d'Zesummenaarbecht vun deenen Agenten, vun deene Leit, déi an deem Beräich schaffen, ze fördere mat de Forces de l'ordre.

An dësem Projet de loi ginn och d'Benotzer vun dësem Service de gardiennage et de surveillance mat an d'Verantwortung gezunn. Si mussen Infrastrukturen a virgeschriwwe Sécherheetsmoossnamen, déi elo bestinn, upassen un déi nei Begebenheeten, an och d'Obligatioune vun den Usagere musse mat deem gréisste Sérieux op hire Respekt iwwerpréift ginn.

Urspréinglech war am Projet de loi de Persouneschutz net virgesinn. Mäi Virriedner, den Här Mosar, huet dat och elo grad hei erkläert. D'Commission juridique huet dëse Punkt bäigesat. Si wollt och esou wäit goen, fir de private Service de gardiennage et de surveillance, d'Kompetenz bei den öffentlechen Manifestatiounen, bei den öffentlechen Lokaler ze ginn, fir de Persouneschutz ze garantéieren.

De Conseil d'Etat huet sech mat Recht géint esou eng Zoustännegkeet gewiert, well d'Bestëmmung, déi Commissioun juridique agesat hat, net explizit genuch war. Ech sinn och der Meenung, datt dat géing ze wäit goen. Ech mengen, dass déi Zoustännegkeet fir de Persouneschutz an d'Hänn vun den eigentleche Polizeiorganer gehéiert. Dat ass e Service public, dee muss gutt fonctionnéieren an eis Polizei ass dofir do, fir de Leit bei deene Geleeënheeten an op deene Plazen déi néideg Protektioun ze garantéieren.

En anere wichtege Punkt, deen an der Commission juridique opgeworf gi war, an dee laang diskutéiert ginn ass, ass dee vun der Protektioun vun de Persounen, déi beim Stat oder bei den Établissements publics schaffen, an déi och do den Transport vu Fongen duerchféieren. Mir hu festgestallt, dass d'Gesetzgebung iwwert d'Sécherheet an der Fonction publique op deem Plang Lacunen opweist. Souwuel de Commissaire général wéi och de Statssekretär an der Fonction publique an an der Réforme administrative hunn eis dat bei enger Réunioun bestätegt. Si hu versprach, fir déi diesbezüglech Gesetzgebung a Règlements granducaux am Sënn vun der Sécherheet vun deene Leit, déi am öffentleche Secteur schaffen, ofzeänneren. Dat war am Januar vun dësem Joer. Dat sinn elo néng Méint hier. Mir hu bis elo nach näischt héiere vun deenen Ofännerungen. Et wier net vill Aarbecht gewiescht, fir dat ze maachen. Dat feelt nach ëmmer. Mir halen drop, dass dat awer soll gemaach ginn. Bis elo ass näischt geschitt, obschonn, wéi gesot, dass dat hätt kënne schnell duerchgezu ginn. Mäin Appel un déi zoustänneg Ministesch vun der Fonction publique, fir schnell ze reagéieren, besonnesch well d'DP och virun deene leschte Wahle ganz vill op d'Sécherheet gehalen huet a wäert och nach sécherlech vill drop halen. An dofir géing ech mengen, et wär gutt, wann esou séier wéi méiglech hei déi Ofännerungen an déi Zousätz zu där Gesetzgebung géinge virgeluegt ginn.

Mir hunn also zwou Zorte vun Agenten oder vu Persounen, déi an där geféierlecher Branche do schaffen. Déi eng hu méi e grousse Schutz wéi déi aner, an domadder si mir net d'accord. Et wier haut eng gutt Geleeënheet gewiescht, fir déi Leit alleguerten op deeselwechte Pied d'égalité ze setzen, fir dass se alleguerte vun deenen noutwendege Sécherheetsmoossnamen hätte kënne profitéieren.

***(M. Willy Bourg prend la Présidence)***

Am Gesetz ass och eng ganz Partie vu Règlements grand-ducaux ugekënnegt ginn. Déi hunn ech an der Commission juridique net ze gesi kritt. Déi Règlements grand-ducaux sinn d'Ausféierungsbestëmmunge vun deene gesetzleche Regelen. An dofir kann ech och net den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn, mee mir géingen eis bei dësem Projet de loi enthalen, well wéi gesot, et ass e Fortschrëtt par rapport zum Gesetz vun 1990, mee et hätt ee kënne méi wäit goen, an dofir, wéi gesot, eis Enthalung.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Klein. D'Madame Beissel huet d'Wuert. Här Minister, ee Moment wann ech gelift.

***(Interruptions diverses)***

**M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice*.- Ech wëll kucken ob ech deem, wat d'Sozialisten hei proposéieren, net awer soll Rechnung droen.

**M. le Président**.- Här Klein, hutt Dir dorop eng Äntwert?

***(Interruptions diverses)***

Ee Moment, wann ech gelift. Den Här Minister huet eng Fro gestallt. Den Här Klein kann net direkt drop äntwerten. Da kënnt déi Äntwert no.

D'Mme Beissel huet d'Wuert.

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wollt fir d'éischt och dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Bericht. Dat Gesetz, dat mir haut diskutéieren a solle stëmmen, ass ganz wichteg fir de gudde Fonctionnement, net nëmme vun der Finanzplaz Lëtzebuerg, mä och vun dem Grousshandel. Doniewent gëtt d'Sécherheet vun de Convoyeuren mä och vun de Passanten, dat heescht vum grand public, verbessert.

Mir wësse jo alleguerten, wat an de leschte Jore lass war. Eng Rei Iwwerfäll op Geldtransporter. An déi hu mir erlieft, déi ware vun enger Brutalitéit an enger Rücksichtslosegkeet, wéi mir se bis dato zu Lëtzebuerg eigentlech net kannt hunn. Et muss ee sech d'Fro stellen, wat an de leschte Jore geännert huet?

Et ass nun emol gewosst, dass eng Plaz, wou vill Geld zirkuléiert, och kriminell Energien unzitt. Dat war schonn esou ganz fréier - dat war praktesch nach ëmmer esou. Wat sech awer geännert huet, dat ass, datt d'Finanzinstituter, d'Banken an och ganz vill grouss Commercer eng Rei Sécherheetsmoossname getraff hunn, fir de Banditten hiert "Handwierk" esou schwéier wéi méiglech ze maachen. Et gëtt ëmmer méi schwéier, et gëtt bal onméiglech, fir eng Bank ze iwwerfalen.

Da kënnt awer en zweete Punkt, wou et ganz kriddlech a ganz kritesch ass, dat ass den Transport vum Geld zwëschen dem Centre commercial oder dem Finanzinstitut zu där Plaz, wou et soll hikommen, e kriddlechen a kritesche Moment, an do hu mer schonn dann déi Evénementer erlieft, déi och de Législateur derzou veranlasst hunn, fir d'Gesetz vun 1990 op de Métier ze huelen an ze kucken, a wat fir enger Hisiicht et kéint verbessert ginn. Dat Gesetz vun 1990 huet deene rezenten Evolutiounen nämlech keng Rechnung gedroen, et huet sech bewisen, dass et misst moderniséiert ginn, well eben d'Kriminalitéit esou en Ausmooss an eng Perfektioun kritt huet - du jamais vu - dass mussen d'Sécuritéitsmoossname verbessert ginn.

Ech kommen elo kuerz zum öffentleche Secteur, en ass virdrun hei ugesprach ginn, an ech wëllt all de Kolleegen, déi bis elo geschwat hunn - ausser dem Patrick Santer -, awer Folgendes soen, well si net um leschte Stand vun der Informatioun sinn: Mir hunn d'Gesetz vun 1988, wat d'Sécherheet an der Fonction publique regelt, duerno hu mer e Gesetz vun 1994, wat d'Lëscht vun den Etablissementer, déi ënnert déi Bestëmmunge vum Gesetz falen, oplëscht, an do war e Problem, do stong dran, dass nëmmen déi Etablissementer, déi virun dem Gesetz vun 1994 gegrënnt gi sinn, ënnert d'Protektioun vun deenen Dispositioune gefall sinn. Do ware bestëmmt Etablissementer, déi hei ugesprach gi sinn, wéi zum Beispill d'Spuerkeess, déi net drënner gefall ass, an d'Banque Centrale. Dofir war jo de Statssekretär Jos Schaack am November bei eis an der Kommissioun, an huet gesot, hie géif déi néideg Schrëtter ënnerhuelen.

Ech kann Iech soen, dass en Amendement am Kader vum Statut vum Fonctionnaire elo geholl ginn ass. En ass ausgeschafft ginn, an do falen elo, no deem Amendement, alleguer d'Etablissements publics, dat heescht déi bestehend an déi zukünfteg, elo alleguerten ënnert d'Gesetz vun 1988. Definitiv ginn all Zorte vun öffentleche Gebaier an all Zorte vun Etablissements publics ënnert dat Gesetz vun 1988 rangéiert, an duerfir de Problem mat Diskussiounen, déi virdru bei deene Punkten, déi hei opgehuewe gi sinn, déi hu keng Daseinsberechtegung méi, well dee Punkt do gëtt elo definitiv an d'Rei bruecht.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Entschëllegt, Mme Beissel, wéini kënnt dann dee Statut? Et ass eppes wéi d'Ungeheuer vu Loch Ness, dat geeschtert schonn zënter véier Joer dorëmmer, oder zënter fënnef, a kënnt einfach net méi eraus.

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- Dee Statut, Här Mars di Bartolomeo! Dir sidd jo an deenen zoustännege Kommissiounen, Dir wësst jo, wéi wäit Der sidd.

**M. le Président**.- Den Här Rippinger huet d'Wuert.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP)*.- Här President, ech fannen déi Interventioun vum Här Bartolomeo allerhand. Hien ass an där Kommissioun. Déi Kommissioun huet bis elo zéngmol getaagt. Zéngmol! An Dir waart elo op d'Amendementer, déi gemaach si ginn op den Avis vum Conseil d'État. Dann ass et net um Här Mars Di Bartolomeo hei scheinhelleg heihinner ze kommen an ze froen, wou dee Statut ass.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Mir waarde schonn dräi Joer op den Avis vum Conseil d'Etat!

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP)*.- Ech fannen dat allerhand, wann ee selwer an der Kommissioun ass an een et net fäerdeg bréngt, déi Honnêteté intellectuelle ze hunn, fir ze soen, datt déi Kommissioun géing op den Avis vum Conseil État waarden.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Entschëllegt, Här President, däerf ech dozou Stellung bezéien?

**M. le Président**.- Mme Beissel, fuert Dir weider.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Entschëllegt, Här President!

***(Interruptions diverses)***

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- Här Di Bartolomeo, maacht dat mam Här Rippinger op enger anerer Plaz aus.

Wéi gesot, dee Problem gëtt elo geléist. Mir schwätzen awer elo vum Gardiennage, mir schwätze vun der Roll, vun der Roll vum Stat, déi dora besteet, de Schutz vu senge Bierger an hire Gidder ze garantéieren, an dat ass eng Flicht, eng Roll vum Stat, mee och eng vu senge Prérogativen. Dat ass ganz wichteg, well mer mussen ëmmer kucken, wéi mir déi privat Sécherheetsfirmae situéieren. Ech mengen, et muss ganz kloer ënnerstrach ginn, dass dës Sécherheetsfirmaen eng komplementar Fonctioun assuméiere vis-à-vis vun deene Leit, vis-à-vis vun deene Gesellschaften, déi gären eng personaliséiert Beschützung hätten, well si d'Gefill hunn, duerch hir Fonctiounen, duerch hir Aktivitéiten, méi bedrot ze sinn. D'Existenz vun deene private Sécherheetsfirmaen ass op kee Fall en Ageständnes, an dat ass jo hei ugeklongen, dass de Stat senger Urmissioun net gerecht gëtt. Op Grond awer vun deene komplexen Entwécklungen an dem Secteur, ass de Gesetzgeber gefuerdert, fir och den Sécherheetssecteur beschtméiglech ze reglementéieren. Et geet schonn drëm, dass d'Employéë vun de Sécherheetsfirmaen an d'Clientë genügend geschützt sinn. Et geet och drëm, fir de Seriö an de Professionalismus vun deene Firmaen ze garantéieren.

Et ass genau an dësem Punkt, wou den neie Gesetzesprojet wichteg Prezisioune bréngt. Wat ganz nei ass, ass, dass elo an der Zukunft an dësem Secteur jiddfereen eng duebel Autorisatioun brauch. Déi éischt kënnt vum Mëttelstandsminister a soll sécherstellen, dass de Requérant, dat heescht meeschtens de Patron, déi richteg Qualifikatioun a Formatioun matbréngt, déi zweet kënnt vum Justizminister, déi den interne Fonctionnement vun der Firma an d'Honorabilitéit, also e Leugnungszeugnis, vun de Requéranten iwwerpréift. An duerch dës duebel Autorisatioun gëtt e Maximum u Garantien an dësem sensiblen Domän festgeschriwwen.

En anert neit Gebitt ass de Prinzip vun der Spezialisatioun. Et ass net méi méiglech, dass eng Sécherheetsfirma och doniewend aner kommerziell Aktivitéiten mécht, ausser an dem Punkt vun der Elektrizitéit vun de Centrales d'alarme, wou mer einfach eng Décisioun geholl hu vu gesondem Mënscheverstand, dass een déi Aktivitéite vu Réparatioun an Installatioun och ka maachen. An dëse Punkt vun der Spezialisatioun dréit och derzou bäi, dass de Seriö vun dëse Firmaen definitiv séchergestallt gëtt.

Ech wëll net nach eng Kéier am Detail op alleguerten d'Virschréften agoen, meng Virriedner hunn dat scho beliicht, mee ech wëll awer ervirsträichen, wéi genau dëst neit Gesetz op déi verschidde Facette vum Beruff selwer ageet. Et gëtt elo mol ganz kloer ënnerscheed zwëschent der Iwwerwaachung vun den Immobilien, dem Verwalte vun den Alarmzentren a vum Geldtransport. Hei gi präzis Konditioune gestallt a jiddferengem vun dëse Beräicher, wat den Équipement ugeet, d'Personal, d'Zentral, d'Uniformen an de Règlement de service. Doduerch ensti minimal Qualitéitsnormen, déi mussen erfëllt ginn, fir iwwerhaapt kënnen an dësem Beräich täteg ze sinn. D'Autorisatioun ass jo fënnef Joer gülteg, kann awer jidderzäit zréckgezu ginn, wann déi betreffend Firma sech net un déi strikt Sécherheetskonditiounen hält.

En zweeten, ganz wichtegen Aspekt vun dësem Gesetzprojet ass d'Honorabilitéit vum Personal. D'Sécherheetsfirma muss dem Justizministère d'Lëscht vun hiren Employéen zoukomme loossen, et mussen Dokumenter produzéiert ginn, wéi de Curriculum Vitae, en Extrait vum Casier judiciaire , eng Kopie vun der Carte d'Identité, asw. Et geet dem Législateur hei drëm, fir genau eng Iddi ze hunn vum Profil, an domat de Seriö vun den Employéen, déi a Sécherheetsfirmaen agestallt si, ze iwwerpréiwen. Nei ass och an dësem Gesetzesprojet d'Virschreiwe vun engem Règlement de Service. An dem Reglement mussen e ganze Koup Dispositioune festgehale ginn, wéi zum Beispill d'Handhabung vum Beruffsgeheimnis, d'Selbstverteidigung, d'Kollaboratioun mat der Police, den Ëmgang mat de Waffen, an do derbäi regelméisseg Schéissübungen.

Et ass virgesinn, dass Minimum véiermol am Joer mussen Exercices de tir gemaach ginn. - Dat ass ee vun deene klenge Soucien, déi ech nach hunn, an ech wollt dem Justizminister an deem Kontext nach eng Kéier un d'Häerz leeën, dass hie versicht, fir ze kucken, dass déi Exercices de tir och kënnen iwwert d'Bühn goen. Am Moment ass et esou, dass esouguer eis regulär Polizei Schwieregkeeten huet, fir Exercices de tir ze maachen, well eis Schéisstänn net a genügender Zuel sinn an déi privat Sécherheetsfirmae ganz oft

iwwert d'Grenz ginn, fir déi Exercices de tir hire Leit ze erméiglechen. Do muss d'Lëtzebuerger Regierung zesumme mat de Firmaen en Effort maachen, fir déi Exercicen ze garantéieren, well et gëtt näischt méi Geféierleches wéi een, deen eng Waff dréit an net dermat kann ëmgoen, dann ass et besser, hien dréit keng.

Den Text gëtt also de gesetzleche Minimum vun esou engem Règlement de service a gesäit dat vir. All Règlement de Service muss vum Justizminister agréeiert ginn, a wat ganz wichteg ass, als Flexibilitéitselement, ass, dass de Justizminister sech d'Recht virhält ze fuerderen, dass nach zousätzlech Dispositioune an dësem Règlement de service agefügt ginn. De Justizminister huet also eng Marge de manoeuvre a kann, gegebenefalls, wann nei Momenter optauchen, och nach zousätzlech Prescriptioune maachen.

Eng aner wichteg Erkenntnis, dat ass, dass d'Sécherheet vun all Geldtransport net nëmme vum Transporteur ofhänkt, mee och vun deene Leit, déi regelméisseg op esou Servicer zréckgräifen. Hei spillt also de Prinzip vun der Responsabilité partagée. Am Gesetzesprojet ass virgesinn, dass dës Leit selwer e Minimum vu Sécherheetsmoossnamen treffe mussen. Sou gëtt zum Beispill verlaangt, dass eng speziell Parkingsplaz fir d'Fourgonnettë reservéiert gëtt an en Alarmsystem installéiert gëtt, mat deem d'Zentral vun der Sécherheetsfirma bei Gefor kann alarméiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, menger Meenung no stellt sech hei déi fundamental Fro, wéi wäit de Législateur muss oder wëll an dësem Privatsecteur agräifen. Am Endeffekt geet et jo hei ëm e Service, dee géint eng Bezuelung prestéiert gëtt. Et kënnt een, wann een dat e bësselche méi burschikos ugeet, jo soen: "Wann dem Client de Service net méi gefält, de Service léisst ze wënschen iwwreg, da kënnt jo am Prinzip de Client d'Konsequenz zéien an eventuell bei eng aner Firma goen an aner Leit engagéieren. Dat ass eng wirtschaftlech ganz einfach Regel. Mee hei an dësem sensibelen Domän vun der Sécherheet ass dat awer keng honnertprozenteg valabel Regel. Well mir sinn hei an der Domaine vun der Sécherheet, an do gëtt et näischt zum honnertprozentegen Tarif.

D'Finanzplaz kann awer sech an dësem sensiblen Domän kee gréisseren Ausrutscher leeschten. Well Dir kennt de System vum Magnéit. Wa Lëtzebuerg op deem Punkt viru sensibel ass, wann d'Impressioun dobausse sech breet mécht, dass kriminell Bande zu Lëtzebuerg éischter wéi aneschtwou Succès hätten, fir mat hiren Aktiounen duerchzekommen, da riskéiere mir, dass dat sech an den nächste Joere wéi e Magnéit auswierkt. An déi eng kriminell Energie zitt déi aner un, an da komme mir erëm an aner Stufe vu grousse Sécherheetsproblemer. Deem muss Rechnung gedroe ginn. Dofir muss dat Gesetz hei och strengstens duerchgezu ginn.

Zweetens a ganz wichteg, muss jo och d'Sécherheet vum Personal vun de Firmae verbessert ginn. Dir kennt de System vun de Gilets pare-balles. Momentan ass et de System vun de Fourgonnettes blindées. Dir hutt gemierkt, am Projet de loi hu mir eis do net méi drop fokusséiert. Firwat? D'Technologië ginn ëmmer virun, mir wollten dat net als "nec plus ultra" am Text zréckhalen. Entre-temps gëtt et Technologië vun der Mallette intelligente, an anerer, wou d'Sécherheet vun de Beamte ka besser mat Momenter garantéiert ginn, wéi wa se lo mat Tanken duerch d'Géigend fueren an och nach eng Prozessioun vu klengen Autoe ronderëm sech hunn.

Mir musse Léisunge fannen, wou dee System vun de Panzerween, déi mëtten duerch d'Passanten an d'Stad fueren, eventuell an absehbarer Zäit duerch aneres ofgeléist gëtt. Déi Technologië si voll an der Evolutioun. A wëssend, dass dat kënnt, hu mir eis och net op de Blindage sou festgesat. Dass dat de Gewerkschafte momentan keng Freed mécht, versti mer och, mee, ech mengen, et ass awer esou geduecht, dass de Blindage dee besteet an absehbarer Zäit soll verbessert ginn, esou dass dat keen Thema méi ass, fir an där Hisiicht de Gewerkschaften hir Soucien, déi bien entendu berechtegt sinn, ze considéréieren.

A mengen Ae geet zum heitegen Zäitpunkt dëse Gesetzesprojet, wann een e kuckt par rapport zu deem vun 1990, esou wäit wéi een iwwerhaapt kann an dësem Privatsecteur goen, ouni ze iwwerreglementéieren, well dat wëlle mir jo och net, well wann een iwwerreglementéiert, Dir kennt dat, déi Gesetzer hunn ni eng laang Zäitdauer, et muss een an absehbarer Zäit schonn erëm um Text änneren.

Dat aalt Gesetz gëtt net nëmme wäitgehend moderniséiert, mee et ginn haaptsächlech, an dat ass a mengen Aen extrem wichteg, well et esou e sensibelen Domän ass, genau Konditiounen opgestallt, e genaue Kader festgeluegt, eng large Palette vu Kontrollméiglechkeeten um Niveau vum Ministère festgesat, dass am Prinzip déi ganz Struktur an Organisatioun vun deem Gardiennage esou verbessert ka ginn, dass Garantieë vun enger besserer Sécherheet och gi sinn. Fir mech ass lo dëst Gesetz par rapport zu deem vun 1990 e ganz klore Fortschrëtt. Dofir wäert ech et och stëmmen. Ech bréngen heimat och den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Merci, Madame Beissel. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Här President, et wär fir Fait personnel.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir alleguerte waren erschüttert iwwert déi schwéier Gewaltakten, déi bei de Geldtransporter virkomm sinn a bei deenen eng etlech Persoune blesséiert gi sinn. Et ass verständlech, dass ee sech deen Ablack d'Fro stellt, ob déi Gesetzgebung, déi mir hunn, adequat ass. An dee Projet, dee mir haut solle stëmmen, a wou den ADR och wäert seng Zoustëmmung ginn, dee consolidéiert en fait dat, wat sech an de leeschte Joren u Verbesserungen effektiv duerchgesat huet, an e bréngt och eng etlech positiv Neierungen.

Bei den Neierungen ass ze begréissen, datt de Persouneschutz elo an d'Gesetz integréiert gëtt. Ënnert Persouneschutz versti mir haaptsächlech de Schutz vun deem, wat een nennt d'Protection rapprochée, de Bodyguard. An et ass wichteg, dass dat net an de generelle Beruff vun den Autorisatiounen erakënnt, mee dass dat eng spezifesch Autorisatioun bedeit, well et och drëm geet, fir eng spezifesch Missioun ze erfëllen. Do ass bien entendu eng spezifesch Formatioun néideg, déi vun deenen zoustännege Firmen, déi dat exercéieren, gemaach gëtt.

De Rôle vun der Police ass méi e generellen. A wat mir all Kéiers bedaueren, dat ass, dass Police zwar elo lues a lues an der Zuel vläicht ophëlt, mee dass se ganz wéineg visibel ass um Terrain. Déi gréissten Effikassitéit, déi d'Police kann hunn, ass déi duerch hir Visibilitéit um Terrain. Do sinn nach eng etlech Reformen néideg, fir dass dat méiglech gëtt.

D'Gesetz gesäit dräi grouss Type vu Firme vir. Dat eent sinn zu éischt déi Firmen, déi d'Iwwerwaachung vun de Gidder oder vun Immobilië maachen. Déi Firmae mussen e Minimum vun dräi Autoen hunn a 15 Leit beschäftegen. Wann déi Firma Alarmzentrale wëllt bedreiwen, da sinn och dräi Autoë gefuerdert an e Minimum vun 20 Leit. Dat bedeit, datt, wann also eng Firma déi zwou Aktivitéite vun Iwwerwaachung vu Gidder an Immobilien an eng Alarmzentral wëllt bedreiwen, wat meeschtens de Fall ass, da muss se sechs Autoen a 30 Leit engagéieren.

Mee ee vun deene schwieregste Problemer ass bien entendu dee vun de Geld- a vun de Wäerttransporter. Hei gesäit d'Gesetz fir, dass eng Firma, déi dat dote wëll maachen, dräi Fourgonen muss hunn, dräi Autoen an 20 Leit. Wann also eng Firma dat Ganzt, déi dräi Aktivitéiten, wëllt exerzéieren, d'Iwwerwaachung, d'Alarmzentral an den Transport vu Geldwäerter, da brauch se néng Autoen, dräi Fourgonen an 55 Leit. Ech mengen do gesäit ee schonn, wéi importent d'Ausrüstung ass, an och d'Zuel vun de Leit, déi vun sou Gesellschafte beschäftegt musse ginn.

D'Fro, déi sech an dësem Kontext stellt, ass déi vun den Autorisatiounen. Wéi geet dat praktesch vir sech? Do muss ech soen, datt mir am Gesetz dat entérinéieren, wat elo besteet. Dat ass éischtens, dass de Ministre des Classes moyennes muss eng Autorisatioun ginn. Dat dauert normalerweis zwee Méint, wann et gutt geet, an heiansdo, wann et méi schlecht geet, dräi Méint. Mee beim Ministère de la Justice do dauert et zéng Méint, zwielef Méint. Do dauert et manifestement méi laang.

Dat erkläert sech zu engem gudden Deel, well de Ministère de la Justice fir d'éischt ofwaarde muss, ob de Ministère des Classes moyennes eng Autorisatioun ginn huet. Da muss de Ministère de la Justice och verschidden Enquêten ordonnéieren. Déi gëtt en un de Parquet. De Parquet gëtt se weider un d'Police. An dat Ganzt ass herno an deem administrative Wirr-Warr esou duerchenaner, dauert esou laang, datt sech munch Problemer hei stellen.

Ech géing den Här Justizminister bieden, datt en all Efforte mécht, wa mir dat neit Gesetz hunn, dass d'Prozedure kloer sinn, datt Délaie festgeluegt ginn, wéini d'Antwerte mussen erakommen an datt dofir gesuergt gëtt, datt op där enger Säit déi Délaie respektéiert ginn, datt d'Dossieren net verluer ginn, an dass mir an enger ganz rapider Zäit d'Autorisatioune kënnen hunn. Well wann ee wëll eng Entreprise grënnen, da muss een och déi Méiglechkeete ginn, an net duerch zevill laang Waardezäiten d'Kreatioun vun neien Entreprisen onméiglech maachen.

Well et ass kloer, wann d'Délaien ze laang sinn da kënne sech lëtzebuergesch Entreprisë net etabléieren, da kënne just nach Filialë vun auslänneschen Entreprisë sech zu Lëtzebuerg etabléieren an hir Aktivitéiten exercéieren.

Deen anere Punkt, deen an der Diskussioun steet a stoung, mee wou mer awer an der Commission juridique, an onsen Aen, eng gutt Léisung fonnt hunn, dat ass dee vun den Endroits sécurisés.

Et ass verständlech, datt, wa Geldtransporter musse gemaach ginn, datt deen Ablack déi Persounen, déi dat maachen, an enger Geforenzon stiechen. Mir hunn et permanent gesi bei deenen Attacken; mir gesinn et all Dag. Do ass ee Risiko. Et ass verständlech, datt d'Leit verlaangen, oder d'Personal verlaangt, fir ee Maximum vu Sécherheet ze kréien. Mee et ass awer och grad esou evident, datt dat op ville Plazen net realiséierbar ass. Do, wou et ze realiséieren ass, do soll et gemaach ginn, mee do, wou et net ze realiséieren ass, do musse mer aner Léisunge sichen. An dat Wichtegst ass, datt den Dialog tëschent dem Justizministère, tëschent der Police, de Gewerkschaften an den Entreprisen an och de Clientë gesicht gëtt, fir pro Fall, pro Cas, eng Léisung ze fannen. Dat ass de richtege Wee, well et ass net uniform ze léisen.

Eng Saach, déi mer och wichteg schéngt, dat ass, datt soll driwwer nogeduecht ginn, ob een net soll eng Relatioun setzen tëschent dem Montant vun de Wäerter, déi transportéiert ginn, de Montant absolu, an de Sécherheetsmoossnamen, déi musse geholl ginn. Wann ee gesäit, datt 10, 20 Milliounen Euro musse periodesch transportéiert ginn, da muss ee sech d'Fro stellen: Geet ee méi oft dohin, oder mat méi Personal, oder mécht een ee Mix vun den zwee? Dat muss sech pro Fall kläre, dat ass d'Missioun, mengen ech, vun den Entreprisen, fir dat mat hirem Personal a mat de Clienten an och mat den Assureuren ze négociéieren. Do musse Léisungen ad hoc fonnt ginn, a wann net, da muss de Justizminister sou, wéi d'Gesetz him elo d'Méiglechkeet gëtt - an dat ass eng gutt Initiativ - gegebenefalls de Geldtransporter verbidden, dësen oder dee Client ze beliwweren. Ech mengen, dat ass eng richteg Approche. De private Secteur muss dëse Problem léisen. Wann hien et net geléist kritt, wa Geforen do si fir d'Personal, dann ass dem Justizminister d'Méiglechkeet ginn, fir d'Beliwwerung vun dësem oder deem Client onméiglech ze maachen.

Ee Problem bléift nach ze diskutéieren, dat ass dee vun der Sécherheet bei öffentleche Manifestatiounen. Et ass ee Problem, deen net ganz einfach unzegoen ass, well jiddereen, deen op eng Manifestatioun geet, zimlech rosen ass, wann hie bei all Entrée vun enger Diskothéik, bei all Entrée vun engem Fussballmatch fouilléiert gëtt, wann hie seng Täsche muss eidel maachen. Datselwecht gëllt och bei de Flughäfen, och do gëtt et Fouillen, déi heiansdo ganz désagréabel kënne sinn, ob fir deen een oder fir deen aneren. Verschidde Leit brénge vill Versteesdemech do entgéint, anerer net. An déi ganz Situatioun ass augenblécklech net geregelt. Ech hunn och meng Douten doriwwer, ob een dat am Detail geregelt wäert kënne kréien, op jidde Fall am Gesetz. Datt ee vläicht ee gesetzleche Rahmen schaaft, wat ka geschéien, wat de Maximum vu Sécherheet ass, oder wat déi Exigencë kënne si vun dem Sécherheetspersonal, ech mengen, dat bedeit, datt mer nach ganz laang doriwwer kënnen diskutéieren, well ons schéngt et natierlech ze sinn, datt ee kann a muss kënnen Identitéitspabéiere verlaangen op de Flughäfen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Mee et kann, et muss een awer och sech d'Fro stellen, wann Hooliganen zum Beispill op ee Fussballmatch kënne kommen, do ass et an England méiglech, fir hinnen ze verbidden an d'Land ze kommen a fir op de Stadion ze kommen, Och dat bedeit, datt heiansdo mussen eng etlech Identitéitskontrolle gemaach ginn.

Dat Ganzt ass also net einfach unzegoen, dofir sinn ech och frou, datt mer ons an der Commission juridique konnten eens maache fir dëse Problem net hei ze léisen, well dat eng ganz labber Zuel vu Froen opwerft, déi een net kann aus dem Stegreif léisen, mee dat an engem separate Gesetzesprojet muss ugoen.

Dat gesot, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen, deen dat konsolidéiert, wat bis elo sech duerch d'Praxis erginn huet, an deen och eng etlech positiv Neierunge bréngt.

**M. le Président**.- Den Här Mars Di Bartolomeo huet d'Wuert gefrot fir Fait personnel. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Well ech disziplinéiert sinn, an net wollt dotëschent blären, wéi de Fraktiounschef vun der DP meng intellektuell Glafwierdegkeet a Fro gestallt huet, hunn ech gefrot fir hei d'Tribün ze kréie wéinst Fait personnel.

Ech hu just d'Madame Beissel gefrot, nodeem se gesot hat, datt d'Fro no deenen Établissement publics, déi elo vun der aktueller Gesetzgebung net betraff sinn, am Statut vum Fonctionnaire geregelt géif ginn, wéini de Statut vum Fonctionnaire géif kommen. An ech hunn dat net fir näischt gefrot, well de Statut vum Fonctionnaire gëtt eis elo vum Statssecrétaire zënter 3 Jore regelméisseg fir dat Joer, wat duerno kënnt, versprach. 1999 ass de Statut eis versprach gi fir d'Joer 2000, am Joer 2000 ass de Statut eis versprach fir 2001, an am Joer 2001 ass de Statut eis versprach gi fir d'Joer 2002, an elo 2002 gëtt eis de Statut fir 2003 versprach.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Här Di Bartolomeo, dat do ass awer kee Fait personnel, mee dat do ass eng politesch Ausso.

***(Interruptions)***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Här President, Dir waart net heibannen, wéi de Fraktiounschef vun deene Liberale meng intellektuell Éierlechkeet a Fro gestallt huet.

***(Interruptions)***

An ech wëll Iech soen, datt ech dat net op mir sëtze loossen, an dofir, Här President, der Chamber an de Leit dobaussen dokumentéieren, datt et hei net ëm meng Glafwierdegkeet geet, mee ganz einfach ëm d'Glafwierdegkeet vun de liberale Kollegen an engem Secteur…

***(Interruptions)***

….an engem Secteur, wou se alles versprach haten, dat Blot vum Himmel versprach haten…

***(Interruptions)***

…a bis elo kee vun deene Punkte konnten aléisen, déi si versprach haten, an dofir, Här President, hunn ech mech eben net mat dem Argument begnügt, dat d'Madame Beissel bruecht huet, datt déi dote Problematik am Statut vun de Fonctionnaire soll geregelt ginn.

Well, Här President: Eng Rei vun anere Punkte sollten och am Statut vun de Fonctionnaire geregelt ginn, ënner anerem eng Rei vu Punkten, déi an engem Accord salarial virun zwee Jore geregelt waren a schonn an engem Gesetz agekleet waren. An elo soll och dee Punkt, deen den Här Rippinger an och d'Madame Beissel genannt hunn, derbäi kommen. Mir wëllen et jo gleewen, mee déi liberal Kollegen hunn eis gewisen, dass se net dat halen, wat si verspriechen, an dofir geet et hei net ëm meng…

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

…intellektuel Éierlechkeet, mee et geet just ëm d'Glafwierdergekeet vun der DP vis-à-vis vun de Statsbeamten, an, Här Rippinger, et wäert Iech ganz schwéier falen, mir de Géigendeel ze beweisen.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Ech hunn d'Gefill, mir brauchen och ee Gesetz iwwert d'Ausenanersetzungen an der Chamber. Et hëlt hei Ausmoossen un, déi schonn erschreckend sinn.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Här President, ech wollt direkt schonn am Ufank vu menger Interventioun soen, datt mir eis bei dësem Projet de loi wäerten enthalen, deen zwar ganz villes regléiert, mee genausou villes onregléiert léisst, an déi Lacunë wëll ech dann och a menger Interventioun opzielen.

D'Regierung huet eiser Meenung no hir Aarbecht an engem ganz limitéierte Beräich just gemaach, an ëm dee Projet de loi ass zwar dunn an der Chamberskommissioun eng ganz laang a breet Diskussioun entstanen, an dat, wat am Ufank eis als eng technesch Adaptatioun op der enger Säit, an op der anerer Säit als eng politesch Äntwert op déi Cambriolagë, déi geschitt sinn, geduecht wor, huet sécherlech eng ganz aner Ampleur krut, wéi dat am Ufank geplangt war, mee trotzdem muss een awer festhalen - wéi gesot -, datt et ganz vill Lacunë gëtt.

Een Thema, wat hei schonn ugeschnidde ginn ass, dat ass dat vum Champ d'application vun dësem Gesetz.

Här President, meng Stëmm ass haut net esou gutt. Vläicht waarden ech léiwer bis et méi roueg ass.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Deen éischte Punkt ass de Champ d'application, wat den Transport de fonds ubetrëfft, an do hu mer eng ganz laang Diskussioun drëm geféiert, ob dee Champ d'application sech nëmme soll op de Compte de tiers bezéien oder ob et och géif ëm Entreprisë goen, déi hiren eegene Gardiennage géifen organiséieren oder hir eegen Transports de fonds. Dat betrëfft, an dat ass en Thema, wat mer jo lo hei schonn e puer Mol gehéiert hunn, natierlech och d'Etablissements publics, zum Beispill dee vun der Banque Centrale. D'Problematik, datt eng Rei vun deenen Etablissements publics nach net ënnert dat Gesetz vun der Sécherheet falen, ass jo hei schonn erwähnt ginn, an och d'Thema, datt de Règlement grand-ducal, deen do am Detail soll och op d'Fro vun den Transports de fonds agoen, net existéiert. Dorop brauch ech net méi zréckzekommen.

Een zweete Punkt, an dee schéngt mer awer extrêmement grav ze sinn, dat

ass dee vun den Endroits sécurisés. Mer haten am Ufank en Text, wou iwwert d'Sas de Sécurité Rieds gaangen ass, dat heescht, wou relativ däitlech gesot gi war, datt där missen installéiert ginn, fir eben d'Sécherheet bei der Geldiwwergab ze garantéieren. An dës Iwwergab ass jo grad och de Maillon faible an der Kette vum Geldtransport. Eiser Meenung no ass dat wierklech eng vun deenen zwou dramateschste Feelentscheedungen, déi um Niveau vun dësem Projet de loi geschitt sinn, datt dës Obligatioun, e Sas ze maachen, nees aus dem Projet erauskomm ass. An et ass emol net festgehale ginn, datt wéinstens bei deenen neie Gebaier esou eng Obligatioun soll kommen. Mer mengen, datt een do wierklech hätt kënnten ee Schrëtt méi wäit goen.

Et kann ee sech och froen, op Drock vu wiem d'Majoritéit vun der Kommissioun op eemol décidéiert huet, fir déi Fuerderung erëm erauszehuelen. Een Aspekt an dem Beräich ass iwwregens dee vun de Bancomaten, och do gëtt et eng ganz Problematik, anscheinend gëtt et zu Lëtzebuerg nach ëmmer vill Bancomaten, déi vu vir gefiddert gi mat Geld, aplaz vun hannen. Dat wär och ee Problem, hunn ech mer soe gelooss, dee fir Onsécherheet suergt. An och do stellt ee fest, datt am Gesetz…

Här President, den Här Santer wollt mer eng Fro stellen.

**M. le Président**.- Jo, den Här Santer huet d'Wuert.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur*.- Ech wollt froen, wat Mechanisme fir d'Fidderen oder de Remplissage vun engem Bancomatsapparat mat engem Projet de loi iwwert den Accès zum Beruff vu Sécherheetsaktivitéiten ze dinn huet?

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech mengen net, datt dee Projet sech beschränkt op den Etablissement vun deene Firmen, mee datt et ganz kloer - an dat weess den Här Santer och - eng ganz Rei vun Artikelen doranner gëtt, wou et ëm Sécuritéitsmoossname geet. Ech erënneren zum Beispill, datt an deem Artikel, wou ech elo grad Rieds hat, wou et ëm Fro geet, wéini datt een Transports de fonds muss organiséiere loossen, minimal Bestëmmungen drastinn. Dat si jo dann och technesch Bestëmmungen, déi iwwert den Thema vum Etablissement vun de Firmen erausginn, just datt et ebe manner strenger oder manner opwenneger si wéi deen Sas de securité, deen am Ufank virgesi wor. Deen ech jo net erfonnt hunn, mee deen ee Moment am Text dra stoung, A vun deem mer weiderhi bedaueren, datt en erëm erauskomm ass, genau wéi mer bedaueren eben, datt bei de Bancomaten deen Thema net ofgekläert ginn ass, wat een do vu Sécherheetgarantie misst bréngen.

Ee weidere Punkt ass dee vun der Protection de personnes, och do hu mer eng laang Geschicht matgemaach. Et ass nämlech esou gewiescht, datt am ale Gesetz een Abschnitt doriwwer drastoung. Wei mer de Projet de loi vun der Regierung virgeluegt krut hunn, war deen awer ganz erausgeholl ginn. An ech ka mech souguer erënneren, datt mer vum Regierungsbeamten deemools an der Kommissioun gesot krut hunn, datt, wa mer dat gären dran hätten, da kéinte mer jo selwer en Artikel schreiwen. Dodroper ass d'Regierung zwar dunn zréckkomm an huet eis och en Text proposéiert, dee mer och dunn un de Statsrot weiderginn hunn, mee leider war de Statsrot selwer awer dunn erëm eng Kéier dogéint, an d'Kommissioun huet och net resistéiert, fir déi verschidde Punkten, déi do behandelt gi sinn, fir dorunner festzehalen. Dat wat iwwreg bliwwen ass, elo vum Text, dat ass eigentlech just nach eng Definitioun. Et gëtt kee präzise Kader méi zur Procektion de personnes. An ech mengen, datt dat hei wierklech ee Beräich wär, wou Nachholbedarf besteet.

Den Här Santer hat virdrun eng Motioun déposéiert. Wann ech se richteg verstanen hunn - ech hunn esou schnell gelies -, geet déi haaptsächlech ëm Manifestations publiques, an net ëm dee Beräich vun de Bodyguarden. Ech froe mech, ob, wann een esou eng Motioun erareecht, een dann net awer déi zwee Beräicher misst ofdecken.

Domat sinn ech scho bei dem Punkt vun der Surveillance a vum Contrôle bei öffentleche Manifestatiounen. Och hei hu mer ee Vide juridique. Am Moment gëtt et do guer näischt vun Artikel am bestehende Gesetz, an et ass awer esou, datt do eng ganz grouss Problematik besteet. Well Dir wësst jo alleguerten, datt am Moment scho bei Diskothéiken, awer och op öffentleche Veranstaltunge Kontrolle gemaach ginn, datt d'Leit opgefuerdert ginn, hir Poschen opzemaachen, dat eventuell souguer Kierperkontrolle gemaach ginn, ouni datt dat iergendwéi eng gesetzlech Basis hätt.

Dofir sinn ech och net domat averstan, wann den Här Klein zum Beispill virdru gemengt huet, et wär gutt, datt mer op de Wee vum Statsrot gaange sinn, fir do keen Text festzehalen. Den Här Klein huet gemengt, dofir ass d'Polizei do, fir dee Beräich, mee d'Realitéit ass awer eng aner. D'Realitéit ass déi, datt ebe vu Privatleit sou Kontrolle gemaach ginn an datt déi Kontrollen dann eben op kenger gesetzlecher Basis berouen. Ech si ganz domat averstan, datt, wann een en Text mécht, da sech genau muss iwwerleeën, wéi eng Contrainten een do setzt a wéi eng Limiten, datt ee sech zum Beispill d'Fro muss stellen, bei wéi enge Manifestatiounen et kënne Volontäre sinn, déi do agesat ginn, a wéi enge Fäll et onbedingt muss d'Polizei sinn, dat muss een awer klären. Et geet net, datt mer an där Situatioun a bei dem Vide juridique bleiwen, deen am Moment besteet.

Een zweete Punkt, Här President, wou mer awer wierklech mengen, datt et och dramatesch ass, datt ganz wéineg geschitt ass, datt ass dee vun der Formatioun. An do gi mer jo och vun den diverse Gewerkschaften, déi an dem Gebitt aktiv sinn vum Gardiennage, bestätegt. Mer mengen, datt d'Formatioun misst e Caractère obligatoire kréien, datt se och misst am Reglement kloer definéiert ginn. Et misst zum Beispill e Curriculum festgeluegt ginn. Déi Formatioun dierft sech net nëmmen op Schéisse bezéien. Et missten aner Übungen och dra festgehale ginn. Ech denken un éischt Hëllef, ech denken och un eng gewësse psychologesch Schulung, spezifesch Formatioune fir Bodyguard an esou virun. Dat heescht, et gëtt eng ganz Rei vu Beräicher, wou ee misst engersäits eng Formatioun, anerersäits och eng Formation continue organiséieren. Et misst och gekläert ginn, wien esou Formatiounen hale kann, an et missten dann och déi Formatiounen, déi vun deene betraffene Leit gemaach ginn, an engem Livret vläicht agedroe ginn.

Zesumme mat der Police missten, eiser Meenung no, Iwwerfäll gekuckt ginn, an ausgewäert ginn, wat schief gelaff ass a wéi een an Zukunft sech vläicht Ännerunge kann ausdenken, déi, wa vläicht net ëmmer verhënneren, awer de Risiko reduzéieren, datt nach esou Iwwerfäll geschéien. Natierlech stellt sech an dem Kontext och d'Fro vun der Kompetenz, vun der professioneller Kompetenz, der Kompetenz vun de Patronen: Och déi gëtt an dem Projet de loi hei net erwähnt.

Dann ee Punkt, wou mer och eng länger Diskussioun an der Kommissioun haten, dat ass dee vun der Aptitude vun de Leit. Mer wollten ee Moment bei de Grënn fir e Refus fir d'Autorisation d'engager e Certificat froen iwwert d'Aptitude physique et psychique. Do ass du gemengt ginn, et ass awer net néideg, et géif souwisou ee Certificat médical bei all Beruff gefrot ginn, an dofir bräichte mer dat hei net ze maachen. Ech si weiderhin der Meenung, datt et wichteg gewiescht wär, esou eng Kontroll ze maachen um Niveau vum Astelle vu Leit, well mer jo awer all wëssen, datt grad an dem heite sensible Beräich sech oft Leit mëllen, déi vläicht keen esou en objektiven Ëmgang mam Gardiennage an eventuell och mam Ausübe vu Waffegewalt hunn, wéi ee sech dat kéint wënschen.

Ee Punkt, deen hei elo och schonn ugeschnidde ginn ass, dee ganz grouss Onzefriddenheet bei de Gewerkschaften a bei de Patronen och ervirgeruff huet, dat ass dee vun den Obligatiounen, déi jee nom Typ vun der Aktivitéit mussen erfëllt sinn. Ech mengen domatter déi méi technesch Dispositiounen an awer och d'Problematik vum drëtte Mann, an esou virun. Wou ee feststellt, datt déi Négociatiounen, déi gelaf sinn, sech am Fong net um Niveau vum Projet de loi wierklech niddergeschloen hunn. Ech kommen herno och nach eng Kéier dorobber zréck.

Et stellt een awer fest, dass dat en engem krasse Widdersproch steet zu engem vun den Objektiver vum Projet an ech wéilt dat zitéieren, wat am Exposé des motifs stoung, dat war: "Amélioration de la coopération entre les professionnels des transports de fonds et les forces de l'ordre". Dat war een Aspekt an ech mengen, dass mer dat Zil och net erreecht hunn.

Dir Dammen an Dir Häre, et ass also um Niveau vun der Commission juridique vill geschafft ginn, mir hate vill Entrevuen, mee mir haten net onbedéngt déi Resultater, déi ee sech hätt kéinten erhoffen, außer datt déi Diskussioun eng ganz Rei vu Lacunë sichtbar gemaacht huet. Ech hu virdrun d'Problematik vun den Etablissements publics genannt, et ass och scho vun anere Riedner a Riednerinnen op d'Gesetz vum Port d'armes opmierksam gemaach ginn, et gi sécherlech nach eng ganz Rei aner Beräicher, wou ee gesäit, dass Handlungsbedarf besteet.

Dann ee Punkt, wou mer am Fong guer net an der Commission juridique driwwer geschwat hunn, dat ass dee vun der Commission de sécurité, déi et scho gëtt tëschent der Regierung, de Patronen an de Gewerkschaften. Dës Kommissioun gëtt et just informell, et kann ee sech am Fong d'Fro stellen, firwat déi net institutionaliséiert gëtt, a firwat mir als Kommissioun net mat all deenen Acteuren zesummekomm sinn, an Här President, do stellen ech dann erëm fest, datt mer hei e klassesche Fall hu vun enger Virgoensweis wéi se ëmmer erëm hei an der Chamber virkënnt.

Mir hunn als Commission juridique haaptsächlech de Regierungsvertrieder bei eis gehat, deen eis Ried an Äntwert gestanen huet, mee mir hate keng eng Entrevuë mat de Gewerkschaften oder mat de Patronen. D'Madame Beissel huet virdru vun der Urroll geschwat, ech schwätzen dann elo hei vun der Urroll vun der Chamber an do kann ee sech wierklech d'Fro stellen, wann dat déi ass fir d'Regierung ze kontrolléieren, da mengen ech misste mer wierklech endlech op de Wee goen, fir all d'Acteuren an esou Fäll ze lauschteren an net eis nëmmen op d'Äusserunge vun de Regierungsvertrieder ze baséieren.

Ech denken, datt dat eng Saach vu Chancëgläichheet ass, well et dass jo kloer, datt déi grouss Fraktioune wahrscheinlech do méi Moyenen hunn, fir sech mat deenen Acteuren dann op anere Plazen - loosse mer emol soen - zesummenzesetzen, während dat fir déi kleng Fraktioune méi schwiereg ass. Dofir géif ech et wichteg fannen, datt an der Commission juridique - an ech menge wierklech, datt dat d'Aufgab vun der Chamber ass - déi Débate solle gefouert ginn. Ech wëll just drop hiweisen, datt et aner Beräicher gëtt, wou mer de Barreau ruffen oder aner Vertrieder vu Beruffsstänn, wa Problemer bestinn, fir mat hinnen ze diskutéieren.

***(Interruption)***

Dach, Här Mosar, ech hunn dat Thema eng Kéier opgeworf, an du ware mer ganz schnell erëm eng Kéier fäerdeg. Ech muss soen: Ech froen déi Saachen elo zënter aacht Joren hei bannen. Ech mengen, datt et e wesentleche Punkt vum Fonctionnement vun där Chamber hei ass, datt dat misst anescht fonctionnéiere wéi dat am Moment de Fall ass, well soss kënne mer eis wierklech e bëssen d'Fro stelle firwat mir hei all zesummesëtzen.

Här President, dat gesot, wéilt ech nach eng Kéier betounen, datt dat Gesetz hei elo scho reformbedürfteg ass an duerfir nach eng Kéier eis Enthalung zu dem Projet ausdrécken. Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Den nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Dir Dammen an Dir Hären, duerch d'Bankeplaz ass et jo zu engem exponentielle Wuesstum vun deene Sécherheetsfirme komm.

Wéi wéineg de Faktor Aarbecht awer an dem Milieu vun de Banken a vun de Sécherheetsfirmen zielt, hu mir gesi beim Aarbechtskonflikt vun de Beamte vun deene Sécherheetsfirme virun e puer Joer. D'Öffentlechtkeet war dobäi iwwerrascht ginn iwwert deen niddregen Niveau vun de Léin vun deene Leit, déi all Dag do schaffen, par rapport zur Valeur vun deene Gidder, déi se all Dag transportéieren.

De Rapport vun der Kommissioun schwätzt awer vun deene Leit als dem "maillon le plus faible dans le flux des capitaux", wéi et esou schéin doranner heescht. Datt et sech do ëm Mënschen handelt an ëm deelweis schlecht bezuelte Salariéen, déi all Dag de Kapp mussen duerhalen, dovu geet keng Rieds, grad esou wéineg wéi Rieds geet vun de soziale Konditiounen, déi am Allgemengen herrschen an deem Milieu do.

Privat Sécherheetsfirme bedeiten awer och eng vun den éischte Forme vun der Auslagerung vun de staatleche Kompetenzen, vum staatleche Gewaltmonopol. Ëmmer méi Firme sinn am Asaz bei der Iwwerwaachung vun öffentlechen Institutiounen a Gebaier, am Prisong, um Geriicht, op de Garen - ech mengen och hei an der Chamber am iwwregen. D'Firmen hunn den Interesse fir hire Marché auszedehnen, fir sech ze rentabiliséieren, an de Stat huet jo d'Bestriewen, fir d'Zuel vun de Beamten anzeschränken.

Dat féiert dann dozou, datt dee Marché, ee vun deene ganz grousse ginn ass, an dass hei de Versuch gemaach gëtt, fir dee méi staark ze regele par rapport zu engem éischte Gesetz vun 1990. Dat Gesetz hei betrëfft virun allem gewësse Konditiounen, fir de Beruff ze exercéieren. Dat Gesetz gëtt nach ausgedehnt op de Persouneschutz. Am Allgemenge kann ech och feststellen, wéi schonn e puer vu menge Virriedner gesot hunn, datt dat Gesetz awer déi Problemer, déi sech an deem Beräich stellen, nëmme relativ zögerlech trëfft.

Et sinn zum Beispill Saachen aus deem Gesetz hei zréckgezu ginn, well, wéi gesot ginn ass an engem Avis vum Statsrot, d'Privatpropriétéit an d'Verfügung doriwwer géif ze vill staark beeinträchtegt ginn. Esou zum Beispill, wat d'Sécherheetsbestëmmunge bei de Cliente vun deene Firmen ugeet, fir ee Sas de sécurité ze hunn, e Problem vun deem hei schonn e puermol Rieds war.

Privat Sécherheetsdéngschter, innerhalb vun engem Betrib oder bei öffentleche Veranstaltungen, gi vun deem Gesetz hei ausgeklamert. Hei besteet weiderhin eng Grauzon, fir net ze soen e Vide juridique doriwwer, fir ze wësse wat ze kënnen an däerfe maachen. An deene Froe muss d'Privatsphär am Mëttelpunkt stoen, wéi dat jo an enger Motioun hei verlaangt gëtt.

Et ass festgestallt ginn, dass déi staatlech Etablissements publics, déi jo wéi Champignonen aus dem Buedem geschoss sinn, déi lescht Joren, wahrscheinlech gréisstendeels net méi ënnert d'Gesetz vun 1988 iwwert d'Sécherheet beim Stat falen, an dass do e Vide juridique besteet.

Wat dat heite Gesetz ugeet ass villes onkloer, zum Beispill, wat d'Modalitéite vum Port d'armes a vun der légitime défense uginn. Déi Modalitéite sollen hei geregelt ginn an engem interne Reglement vun de Sécherheetsfirme selwer, dat eleng vum Minister approuvéiert gëtt an der parlamentarescher Kontroll domat entzu gëtt. Ob do awer dat Gesetz iwwert de Port d'armes vun 1983 duergeet, fir déi Froen hei vun enger praktescher Bedeitung an dem Secteur ze léisen, ass a mengen A méi wéi zweifelhaft.

Et besteet och d'Gefor, datt déi intern Bestëmmunge vun de Sécherheetsfirmen iwwert d'Definitioun vun der légitime défense, déi jo solle vum Minister approuvéiert ginn, eng falsch Sécherheet wäerte ginn an zu automatesche Reflexer kënne féieren, woubäi et jo awer kloer ass, dass, wat d'légitime défense ugeet, et nach ëmmer de Code pénal ass, deen zielt a vun de Gerichter applizéiert gëtt, wou déi genau Ëmstänn gekuckt ginn ënnert deenen déi légitime défense exercéiert ginn ass a wou d'Proportionalitéit vun enger eventueller bewaffneter Riposte ageschat gëtt. De Code pénal kann net ersat ginn duerch en internt Reglement vun enger Firma, an dat ass eng weider Schwächt vun dësem Gesetz.

Et fält op wéi iwwerflächlech a liichtfankeg de Législateur mat der Legalitéit ëmgeet, wann de Statsrot muss intervenéieren, fir dass de Minister net kann autoriséiert ginn, amplaz vun de Geriichter Amenden ze verhänken, oder wann zum Beispill d'Infractions pénales am Gesetz net definéiert ginn, op déi sech Pénalitéite bezéien. Et fält och op, dass de Rapport ausdrécklech virgesäit, dass déi privat Sécherheetsfirmen op Personnel intérimaire kënnen zréckgräifen - dat ass nach net ervirgehuewe ginn -, wat a mengen An awer e grousse Risiko ass an esou engem sensibele Beräich, dass do absolut keng Limite virgesinn ass a keng staatlech Kontroll stattfënnt iwwert déi Form vun Aarbechtsverträg an am Allgemengen iwwert d'sozial Konditiounen an deem Secteur.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Dat Gesetz kann aus all deene Grënn eis Zoustëmmung net fannen. Ech wäert dergéint stëmmen.

**M. le Président**.- Den Här Jean-Pierre Klein huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

**M. Jean-Pierre Klein** *(LSAP)*.- Här President, de Minister huet mer elo grad eng Fro gestallt, bei wat fir enge Punkten een hätt kënne méi wäit goen.

Ech widderhuelen Iech dat nach eng Kéier. Éischtens hätt een emol missten deene professionellen Demandeuren eng minimal Qualifikatioun virschreiwen. Zweetens, wat d'Formatioun vun den Agenten ubelaangt, elo grad ass erëm enger Kéier ugeklongen hei vun der légitime défense, dat si jo awer bedeitend Notiounen. Dat hätt ee missten an enger Formatioun den Agenten explizéiere kënnen an eng Formation continue hätt misste virgesi ginn.

Dat hei ass awer wierklech e seriöen a geféierleche Beruff fir d'Leit selwer a fir déi aner, duerfir hätt ee méi mussen op déi Formatioun do halen. Dann hunn ech nach gesot, datt d'Gesetzgebung vun der Sécherheet an der Fonction publique net adaptéiert ginn ass. Dat hätt ee bei dëser Geleeënheet kënne mat maachen, esou datt een do e Parallelismus vun deenen zwou Gesetzgebunge gehat hätt.

Wann Der mer elo sot, Här Minister, déi puer Punkte géing een nach eng Kéier virgesinn an engem Règlement grand-ducal oder a Règlements grand-ducaux, da muss ech soen, datt déi awer elo net do sinn. Mir wësse jo net wat do dra stoe kënnt. Duerfir hätt Dir déi da solle mat verséieren, dann hätt een déi kënne mat diskutéieren.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Très bien.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, datt de Mëtteg an der éischter Sitzung vun der neier Sessioun mer deen heite Projet um Ordre du jour hunn, well et ass e Projet, dee mer als Regierung dem Parlament virleeën, deen eis Suerg ëm d'Sécherheet hei am Land ënnersträicht.

Et ass en effikass juristescht Instrument am Kampf géint eng gewëssen Zort vu Kriminalitéit, nämlech déi, déi d'Geldtransporter am besonnesche betrëfft, mee awer och fir d'Reglementatioun vu Beruffer ze verbesseren, déi an deene leschte Joren, an dorobber ass higewise ginn de Mëtteg an där Debatt, méi a méi komm sinn.

Déi Reglementatioun hu mer net dohinner gesat aus dem Näischt eraus, well schlussendlech gouf et zënter 1990 - an dat ass nach net schrecklech laang hier - e Gesetz, mee mer hunn se nach verbessert. Dat ass eng wesentlech Verbesserung par rapport zu deem, wat mer virun 12 Joer gemaach hunn. Ech ginn net nach eng Kéier an den Detail an. Ech soen dem Rapporteur, dem Här Santer, merci fir deen detailléierte Rapport, dee mir et

évitéiert, fir nach eng Kéier mussen op déi Detailer anzegoen. Ech géing just e puer Punkte wëllen ervirsträichen.

Mir hunn hei eng onüblech Prozedur gehat, nämlech datt ech no deene villen Attacken, déi leider geschitt sinn am Joer 2000 op Geldtransporter, wéinst der Schnellegkeet vun der Prozedur fir d'éischt e Reglement geholl hunn op Basis vum Gesetz vun 1990, fir eng ganz Rei Saachen am Kontext vun de Geldtransporter ze regelen.

Dat Reglement, wat virschreift wéi notamment déi eenzel Camione mussen ausgesinn, wéi deen Auto, dee matfiert, muss équipéiert a besat sinn, huet seng Friichte gedroen. Et huet och seng Friichte gedroen, well mer als Regierung drop gehalen hu massiv d'Surveillance vun deene Geldtransporter ze erhéijen, an datt et duerfir - ech paken Holz un - zënterhier net méi zou, op d'mannst, engem gréisseren Incident komm ass. Dat heiten ass eng Matière, an do brauch Der nëmmen d'international Zeitungen ze liesen, wou et all Dag leider an Europa, well vill Geld transportéiert gëtt, Attacke ginn. Allerdéngs hunn déi Kriminell gemierkt, datt Lëtzebuerg net déi beschten Adress wär, fir dat ze maachen. Mir hunn d'Friichte geernt vun eisem Asaz. Déi Texter, déi mir geholl hunn an déi mer der Polizei iwwermëttelt hunn, sinn executéiert ginn. Alles dat ass am Intérêt vun der Sécherheet vun de Leit hei am Land geschitt.

Et ass dorobber hin, wou mer dee Gesetzesprojet abruecht hunn, deen haut hei zu enger parlamentarescher Offseenung kënnt. E Gesetzesprojet, deen eng ganz Rei vun Dispositioune verbessert, deen, mengen ech, och duerfir en effikasst Instrument ass fir dës eenzel Branchë vun der Sécherheet, vun der privater Sécherheet besser ze reglementéieren.

Ech stelle fest, datt déi eenzeg Kriticken, déi gemaach gi sinn, souwuel virun der Dier vun de Frënn vum LCGB - déi ech leider net konnt gesinn an deem Moment, well ech an enger schwiereger Diskussioun um Finanzministerconseil um Kierchbierg d'Lëtzebuerger Positioun vertrueden hunn -, mee ech hat öfters Gespréicher notamment mat der chrëschtlecher Gewerkschaft, déi sech ganz vill fir déi Leit am deem Secteur asetzt. Ech hunn hinne gesot, datt dee Punkt vun der Formatioun, wat fir mech ee ganz wichtegen ass, een net soll an e Gesetz schreiwen, mee an e Reglement, well do komme jo Programmer dra stoen, wat ee muss vu Formatioun maachen an ech kommen dach net all Joer mat engem neie Gesetz an d'Chamber, wann ech d'Zuel vun de Stonnen oder d'Fächer, déi do mussen enseignéiert ginn, ännere.

Ech géif souguer mengen, datt fir verschidde Matièren emol net muss e Règlement grand-ducal gemaach ginn, well dat virgeschriwwe gëtt, wat an där Formatioun muss dra sinn. Op eng Formatioun leeën ech Wäert; souwuel d'Formatioun am Ufank, wou déi Leit an dee Beruff kommen, wat ee ganz schwierege Beruff ass, an déi Leit si wierklech net ze beneiden; grad esou wéi an der Formation continue, well och eng ganz Rei Saachen, notamment d'Waffen, änneren, an da mussen déi Leit erëm drobber trainéiert ginn, respektiv musse léieren an üben ze schéissen. Dat ass d'Evidenz selwer.

Aner Saache konnt een net onbedéngt an dëst Gesetz schreiwen. Dat ass de Mëtteg hei diskutéiert ginn. Dat ass déi vun de Sas de sécurité, déi bei de Banke musse sinn. Ech insistéieren op dee Punkt, well et ass fir mech e wichtege Punkt. Ech hunn dat an der Commission juridique vun der Chamber gesot.

Elo ginn et awer Gebaier, wou dat einfach net méiglech ass. Wann Dir op enger historescher Plaz sidd, wéi zum Beispill d'Maartplaz zu Iechternach, da kënnt Der awer net soen: Do sinn eng Rei Banken, elo mussen déi all virun der Dier op der Maartplaz e Sas de sécurité bauen. Duerfir hu mer da virgesinn, datt ee muss Alternative virgesinn, notamment datt do Kamerasurveillance muss sinn, tëschent dem Auto an dem Gebai, datt banne muss en extraen Endroit sinn, deen ofgeséchert ass, fir datt mer net op deene Plazen eng zousätzlech Gefor maachen, mee déi muss mat anere Moyenen assuréiert ginn.

De Gesetzgeber huet virgesinn, datt op deene Plazen, wou d'Police eis géing soen, datt et wierklech net gutt géing fonctionnéieren, do kann ech als Justizminister verbidden, datt iwwerhaapt d'Transporter dohinner gemaach ginn. Do muss een also kucken, wat d'Police eis zu deenen eenzelne Plaze seet, mee ech maachen en Appel selbstverständlech un d'Banken an ech soen hinnen dat regelméisseg, wann ech se gesinn, grad wéi un d'Supermarchéen, datt do, wou vill Geld transportéiert gëtt, an do, wou et méiglech ass, dat si musse Sas de sécurité maachen.

Dat ass jo am Intérêt vun der Sécherheet vun deene Leit déi d'Sue brëngen, mee och vun deene Leit, déi an deene Banken an an deene Supermarchéé schaffen. Ech stelle fest, datt si dat och esou gesinn, sou datt dat an der Praxis hoffentlech uerdentlech fonctionnéiert.

Wat déi eenzel Konditiounen ubelaangt, déi mer schonn am Reglement stoen hunn, stellen ech fest, datt déi Autoen déi haut dorëmmer zirkuléieren alleguerten de Sécherheetsnormen entspriechen. De Blindage vun deenen Autoe gëtt zu Sandweiler kontrolléiert. Wa mer och am Ufank e bësse Schwieregkeeten hate bis dat alles geklappt huet, mee well mer do streng an determinéiert waren dat duerchzezéien, a well mer Drobréiwer un déi Firme geschriwwen hunn, klappt dat haut an ech kann also konfirméieren, datt déi Autoen alleguerten dem Reglement entspriechen, op d'mannst all déi, déi d'Police bis elo kontrolléiert huet. Ech hunn d'Police gefrot systematesch Kontrolle vun deenen Autoen ze maachen, déi dorëmmer fueren, fir ze kucken, ob se den Normen entspriechen.

Selbstverständlech ginn et Evolutiounen an dem Domän do an esou wéi ech drop halen, datt dee Blindage elo respektéiert gëtt, muss een ëmmer kucke wéi déi technologesch Evolutioune sinn an esou wéi et haut intelligent Valisë ginn, déi déi Suen zerstéieren, ginn et elo schonn an e puer Länner - a mer sinn amgaangen dat ze kucken - Methoden, fir datt déi Autoen nach méi héich Technologie hunn, an datt déi eventuell à la longue kënnen déi blindéiert Camionen ersetzen, mee op eng méi sécher Aart a Weis à la fois fir déi Leit, déi doranner schaffen a fir déi, déi sech als normal Bierger am Ëmfeld erëm ginn. Duerfir, mengen ech, gëtt dëst Gesetz eis d'Méiglechkeet net fir manner Sécherheet, mee fir méi Sécherheet.

Mir wäerten net op eist Reglement zréckkommen bis mer d'Garantie hunn, datt déi modern, héich Technologie, déi et do a verschiddene Länner anscheinend gëtt, sech erwisen huet. Esou laang wéi dat net de Fall ass kann ech hei d'Garantie ginn, datt mer bei deem Blindage, dee mer am Reglement vum Dezember 2002 virgesinn hunn, bleiwen.

Ech wëll hei konfirméieren, datt den Dialog tëschent de Gewerkschaften, dem Patronat an der Regierung an dëse Froen en intensiven Dialog ass. Ech hunn e Groupe de travail agesat, dee regelméisseg iwwert dës Problematike schwätzen, well et sinn d'Acteuren um Terrain, déi eis musse soen, wat an dësem Beräich leeft, an déi le cas échéant kënne Propositioune kënne maache fir Ännerungen um technesche Plang an dësem Beräich ze maachen. Dat leeft relativ gutt, och wann een net ëmmer op all Detailpunkt eens ass, mee do ass et eben um Justizminister, fir dat ze tranchéieren.

Et ass en Domän, deen eis stäerksten Attentioun an Zukunft muss bäibehalen. Mir hu bewisen un deem, wat mer an deene leschten zwee Joer gemaach hunn, datt mer dat heite seriö huelen: mir hunn um Terrain gehandelt, mir hunn duerch Reglement gehandelt, mir hunn duerch Gesetz gehandelt de Mëtteg hei.

Déi ganz Panoplie vun Instrumenter brëngt et mat sech, datt mer duerch dëst Gesetz eng besser Réglementatioun vun de privaten Aktivitéite vum Gardiennage, vun der Surveillance a vum Geldtransport hunn. Mir wäerten op deem Wee weidergoen. Mir wäerten net ophalen, wa mer dëst Gesetz hunn, da wäerte mer déi Reglementer maachen a mir wäerten och dee Renforcement vun der Surveillance op deene Plaze maachen, do wou en noutwenneg ass, och d'Enquêten an deenen Affären, wou déi schlëmm Iwwerfäll waren, gi virun. Dat si ganz komplizéiert Enquêten, well se grenziwwerschreidender Natur sinn. Do musse mer enk mat der Police an de Justize vun den Nopeschlänner zesummeschaffen, wat iwwregens de Fall ass.

Wat d'Motioun ubelaangt, fir dat vläicht nach ze soen, Här President, déi freet, datt ee géing d'Problematik vun den Aktivitéite vun der Protektioun vun den öffentlechen Plaze maachen, déi vu verschidde Privatgesellschaften gemaach gëtt, do sinn ech gäre bereet déi Motioun unzehuelen, net ouni awer ze soen, datt dat e ganz schwierege Froëkomplex ass, notamment iwwert d'Fro wéi wäit net staatlech Servicer dierfe Persounekontrollen maachen. Ech si prinzipiell der Meenung, datt dat muss de staatleche Servicer virbehale ginn. Ech gesinn awer d'Realitéit, datt wann ee Kontrolle mécht zum Beispill bei engem Fussballmatch oder bei engem Concert, datt een do net alles kann duerch staatlech Polizei ofdecken.

Ech wëll just hei soen: Ech si bereet déi Motioun unzehuelen, ech si bereet esou e Projet de loi ze schreiwen, ech wëll just, datt Der e bësse Gedold hutt, well dëse Froëkomplex ass e ganz komplizéierten, well do, wou ee staatlech Pouvoiren aus guddem Grond ofgëtt oder delegéiert, muss ee ganz gutt wësse wat ee mécht. Ech sinn a priori retizent an duerfir iwwerleeën ech mer a wéi eng Richtung een do ka goen.

Am Résumé, wéi gesot, Här President, ech si frou wann dëst Gesetz de Mëtteg gestëmmt gëtt, well et eng besser Reglementatioun a méi Sécherheet an engem wichtege Beräich op der Finanzplaz, wéi iwwerhaapt am Land mat sech brëngt. Ech soen Iech merci.

**Des voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4784 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 34 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir sinn, stëmme mat Jo. Déi dergéint sinn, stëmme mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 40 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm an 19 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*A voté non: M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*M. Aly Jaerling;*

*MM. François Bausch (par M. Camille Gira), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

***Motion 1***

Dir Dammen an Dir Hären, dann hu mer elo nach eng Motioun virleien. Den Här Patrick Santer huet déi abruecht. Si ass explizéiert ginn. Mir kënnte vläicht direkt driwwer ofstëmmen.

Den Här Jeannot Krecké freet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Ech hu just eng Fro: Ass et net méiglech, datt een dee leschte Considérant géif ewechloossen? Déi Referenz un d'Loi belge hëlleft eis net ganz vill. De Rescht kënnt een esou huele wéi et do ass.

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur*.- Jo, ech sinn domat averstan.

***Motion 1 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que les organisateurs de manifestations publiques, notamment dans le domaine sportif ou culturel, recourent régulièrement à des entreprises privées de gardiennage et de surveillance pour assurer la surveillance et la protection des personnes dans le cadre du maintien de la sécurité;*

*- considérant que la législation luxembourgeoise actuellement applicable ne réglemente pas spécifiquement cette activité assurée par des entreprises privées;*

*- considérant que le silence de loi peut s'avérer problématique en termes de sécurité juridique et de protection des libertés individuelles dont notamment le droit au respect de la vie privée;*

*- considérant que dans le cadre des travaux portant sur le projet de loi n°4784 relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance, la Commission juridique a reconnu la nécessité d'une réglementation de l'activité précitée;*

*invite le Gouvernement*

*- à élaborer un projet de loi visant à réglementer l'activité de surveillance et de protection des personnes, exercée par des entreprises privées, dans le cadre du maintien de la sécurité dans les lieux accessibles au public.*

**M. le Président**.- Da stëmme mer elo par main levée of.

***Vote***

Wie fir d'Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

Wien enthält sech?

Mat zwou Enthalungen ass déi virleiend Motioun ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wäre mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtteg. Si fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 17.41 heures)***

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

## Ordre du jour

**1.** Communications

**2.** 4871 - Projet de loi portant création d'un second établissement d'enseignement secondaire technique à Esch-sur-Alzette

*(Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motions)*

**3.** 4978 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un huitième programme quinquennal d'équipement sportif et modifiant l'article 1er de la loi du 24 décembre 1997 concernant le septième programme quinquennal d'équipement sportif

*(Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motions)*

Au banc du Gouvernement se trouve: Mme Anne Brasseur, Ministre.

***(Début de la séance publique à 14.30 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall. Da wollt ech der Chamber folgend Kommunikatioune maachen.

### 1. Communications

1) Par lettre du 8 octobre 2002 M. le Député Jeannot Krecké a informé le Président de la Chambre qu'il désire interpeller le Gouvernement sur les services publics.

2) M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, a déposé au Greffe de la Chambre, en date du 8 octobre 2002, le projet de loi 5033 concernant les organismes de placement collectif.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4871 iwwert de Bau vun engem zweete Lycée technique zu Esch. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si bis elo ageschriwwen déi Damme Stein, Mutsch, Durdu, déi Häre Jaerling, Garcia, Urbany an Zanussi. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Claude Meisch.

### 2. 4871 - Projet de loi portant création d'un second établissement d'enseignement secondaire technique à Esch-sur-Alzette

### Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

**M. Claude Meisch** *(DP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi geet et u sech ëm net méi awer och net manner wéi d'Opspécklung vun dem bestehende Lycée technique vun Esch. Et gëtt u sech een Haaptargument, dat zur Noutwendegkeet vun dëser Opspléckung bäidréit, an dat ass d'Zuel vun de Schüler, déi momentan am Lycée technique vun Esch ageschriwwe sinn. Et sinn der no un déi 2.500. Doniewent gëtt et en zweet Argument, dat erkläert, firwat do eng Neierung noutwendeg ass, an zwar sinn déi Schüler do op net manner wéi fënnef verschidde Gebaier a fënnef verschidde Siten opgedeelt.

Fir dat ofgelafend Schouljoer 2001/2002 ware 418 Schüler am Gebai op der Place Victor Hugo ënnerbruecht. Et waren an deem grousse Gebai zu Esch/Lalleng 1.169 Schüler. Am Quartier Wobrécken zu Esch waren et der 450. An engem Gebai bei ARBED/Schëffleng waren et 220 Schüler an zu Esch/Raemerech nach ëmmerhin 173.

Ech mengen, jidderee ka sech virstellen, deen e bësse weess wéi eng Schoul fonctionnéiert, respektiv fonctionnéiere soll, an och vum pedagogesche Standpunkt hier, wat d'Kritäre sinn, fir e performanten Enseignement kënnen unzebidden, datt déi Opdeelung do sécherlech net ideal ass, an datt déi administrativ Gestioun doduerch erschwéiert gëtt, an awer mat Sécherheet och déi pedagogesch Supervisioun.

D'Regierung selwer huet sech jo och als Zil gesat, fir de Schoulgebaier net méi héich Schülerzuelen zouzemudde wéi 1.500. Idealerweis soll e Lycée, oder e Lycée technique tëschent 1.200 an 1.500 Schüler zielen. Dës Opspléckung gouf also noutwendeg a si ass jo och scho vun dëser Chamber de 24. Mäerz 1999 an enger Motioun gefuerdert ginn.

Eng éischt Viraussetzung, fir dat ze realiséieren, ass de Bau vun engem neie Gebai, dee momentan viru sech geet. Et ass dat neit Gebai zu Esch/Raemerech. All déi ënnert eis, déi regelméisseg vum Süde vum Land an d'Stad fueren, gesinn, datt dee Bau zügeg viru kënnt, a wa mer vun Esch hei hinner komme riets vun der Autobunn do schonn eng ganz Rei vu Stäck a vu Gebaier stinn. Doduerch gëtt et ebe méiglech, dat bestehend Etablissement an zwee verschidden a vunenee separéiert Etablissementer opzesplécken. Den aktuelle Lycée technique, also dat bestehend Etablissement, wäert dann och an deem neie Gebai ënnerkommen a wäert awer weiderhin eng Annex behalen am Gebai op der Plaz Victor Hugo, souwäit d'Gebailechkeet dat zuléisst. Mir wëssen, datt do eng Rei vu Mesuren nach musse geholl ginn, respektiv nach Analyse musse gemaach ginn, wat den Zoustand vun deem Gebai ubelaangt.

Dat neit Etablissement, dat mer mat dësem Projet de loi haut schafen, kënnt an deem grousse Gebai zu Esch/Lalleng ënner. Och dat Gebai muss nach renovéiert ginn, kann dat awer eréischt dee Moment, wou dat neit Gebai fäerdeg ass. Wann dann och Esch/Lalleng renovéiert ass, wäert et esou sinn, datt déi Gebaier zu Wobrécken an ARBED/Schëffleng net méi gebraucht ginn. Déi ginn also souwuel vum deem engen Etablissement wéi och vun deem aneren Etablissement abandonnéiert. Déi zwee Etablissementer, déi dann duerno wäert de Lycée technique zu Esch offréieren, wäerten allebéid eng komplett Offer maachen, dat vunn der 7ième bis op 13ième. Och an deenen zwee Lycées techniques gëtt et e Préparatoire, deen integréiert ass an de Cycle inférieur. Et ass dat, wat besonnesch d'Kommissioun och gefreet huet, an awer och positiv bemierkt ginn ass an enger ganzer Rei vun Avise vun de Chambres professionnelles, datt de Préparatoire an den Enseignement secondaire technique do integréiert ginn ass, och raimlech integréiert ginn ass, fir eben eng Integratioun vun deene Schüler an de Secondaire technique ze erméiglechen.

Wann een awer elo seet, déi komplett Offerte gëtt a béide Gebaier gemaach, da bezitt dat sech op d'Klasse vun 7ième bis 13ième. Allerdéngs ass et net esou, wéi ee vläicht kéint mengen, datt sämtlech Type vun Formatioun a béide Gebaier ugebuede ginn: Dat wier och deementspriechend schwéier ze realiséieren, well do jo eng ganz Rei vu Konditiounen un d'Infrastrukture gestallt gëtt. D'Infrastrukture misste quasi duebel zur Verfügung gestallt ginn. Ech denken do un Atelieren, ech denken u Laboen. An dofir gesäit d'Gesetz vir, datt d'Opdeelung vun den Type vun de Formatiounen déi folgend ass: Am bestehenden Etablissement am Lycée technique vun Esch wäerten haaptsächlech technesch Formatiounen ugebuede ginn, allerdéngs ergänzt duerch all déi Formatiounen, déi op ee Beruff am Santésberäich, respektiv am Sozialberäich solle preparéieren, dat och mam Hannergedanken, fir een Equiliber tëschent Jongen a Meedercher an där Schoul do kënnen ze kréien.

An deem neie Lycée technique vun Esch, dee mer dann haut wëlle mat dësem Gesetz schafen, sollen haaptsächlech Formatiounen ugebuede ginn aus dem administrativen, respektiv aus dem kommerzielle Beräich. Ech erspueren lech elo den Detail vun deene Formatiounen, déi ugebuede ginn a béiden Etablissementer a verweisen domadder op den déi detailléiert Opluecht, déi Der am schréftleche Rapport fannt.

Allerdéngs ass awer probéiert ginn, bei der Opdeelung vun der Offerte vun deenen zwee Lycées techniques, eng équilibréiert Offerte an deenen zwee Etablissementer ze schafen. Dat heescht vun der Qualitéit an och vum Niveau hier, sollen déi zwee Etablissementer eng gläichwäerteg Ausbildung ubidden. Et ka jidderee sech virstellen, dee weess wéi eng Schoul fonctionnéiert, datt et net esou einfach wäert si vun haut op muer ee Betrib an zwee verschidde Betriber kënnen ze deelen. Ëmmerhi schaffen am Lycée technique vun Esch net manner wéi 350 Enseignanten, an och edukativt, administratiivt an technescht Personal.

Dofir gesäit d'Gesetz vir, datt all déi Leit, déi zum Zäitpunkt wou dëst Gesetz elo a Kraaft trëtt, am Escher Lycée technique affektéiert sinn, während dräi Joer eng Prioritéit hunn, fir och eng Affektatioun an deem neie Lycée technique kënnen ze kréien. A wéi mer an der Kommissioun vun deenen zoustännege Leit aus de Ministèren, awer och vun der Direktioun héieren hunn, ass et an deenen allermeeschte Fäll do zu engem Accord mat dem betraffene Personal komm.

Allerdéngs net nëmmen d'Personal muss opgedeelt ginn op déi zwee Etablissementer, mä och de Budget muss opgedeelt ginn. Wa mer am Budgetsgesetz fir d'Joer 2002 kucken, stongen do 453.000 Euro Frais de fonctionnement fir den Escher Lycée technique. Et ass elo esou, datt déi Fiche financière, déi beim Gesetzestext bäilouch, virgesäit, datt fir d'Schouljoer 2002/2003 55% vun dem Montant do fir de Lycée technique vun Esch reservéiert sinn, an déi aner 45% dann deem neien Etablissement, dat mer haut hei schafen, zur Verfügung géinge stoen.

Aneschtes wéi bei deenen zwee leschte Gesetzer, déi mer hei gestëmmt hunn, wou en Etablissement secondaire, respektiv secondaire technique geschafe ginn ass, steet an dësem Gesetz kee konkreten Numm. Dat war virdrun och ni esou de Fall, an dat kann duerchaus iwwer Règlement granducal geschéien. Dat ass an enger Rei vun Avisen och opgeworf ginn. Ech sinn der Meenung, datt et genuch Personnagë gëtt, déi Mériter ëm d'Stad Esch hunn, respektiv Mériter ëm déi ganz Regioun hunn, well et sécherlech och e Lycée technique wäert gi mat engem deelweis op d'mannst regionale Charakter, an et gëtt bestëmmt och genuch Personnagen hei am Land, déi sech verdéngt gemaach hunn ëm eis Educatioun an eng ganz Rei vu Fortschrëtter an der Educatioun initiéiert hunn, sou datt dee Lycée do och nach en Numm wäert fannen.

Nun, fir et kuerz ze maachen, dëse Projet de loi ass ee weidere Schratt an eng nei Struktur vun eisem Secondaire. Et geet dorëm, fir méi kleng a méi iwwerschaubar Unitéiten ze schafen, dat ebe fir déi pedagogesch an och déi administrativ Avantagen ze erméiglechen, déi ech virdrun opgezielt hunn an déi mer eis alleguerte kënne virstellen, an eis och alleguerte géinge wënschen. Dofir géing ech lech bieden, dësem Projet de loi Är Zustëmmung ze ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Als éischt Riednerin ass d'Madame Nelly Stein agedroen. D'Madame Stein huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Nelly Stein** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Minister, ech wéilt dem Här Rapporteur ganz häerzlech félicitéieren, fir säin ausgezeechente schréftlechen a mëndleche Rapport. Hien huet dat esou detailléiert gemaach, datt ech mech elo eigentlech ka mat der Fro beschäftegen, wéi et praktesch um Terrain ausgesäit. Eent kann ee virausschécken: Mat dësem Gesetzesprojet maache mer sécher der Direktioun, de Proffen an och de Schüler eng grouss Freed.

En Direkter vun enger Escher Postprimärschoul huet viru Jorzéngten, ech ka mech genau erënneren, gesot: Mir hunn elo eng Schoul mat 650 Schüler. Alles ass nach gutt iwwersichtlech, a gutt ze géréieren. Mä mer wäerten awer nach méi Schüler kréien, a wa mer op d'Zuel vun 1.000 kommen, da gët et schwéier. Dës Iwwerleeung huet och nach haut déiselwecht Gültegkeet wéi deemools, a wa mer dovun ausginn, dat den Escher Lycée technique 2.430 Schüler huet an elo op fënnef Sitë verdeelt ass, da gëtt et eis kloer, wellech Contraintë jiddereen huet misste mat a Kaf huelen, fir datt de Betrib iwwerhaapt sollt dréine während Jorzéngten. Et si jo genuch Leit hei bannen, déi dat materlieft hunn. Ech brauch nëmmen ze erwähnen, datt d'Madame Minister och eng ganz kuerz Zäit do an däer Schoul passéiert ass. Do hu mer eis kenne geléiert. Den Här Haupert an den Här Sunnen sëtzen do. Déi kënnen dat bestätege wat ech hei soen.

Ech selwer sinn 1966 an de Lycée technique vun Esch komm, deen awer deemools nach Ecole professionnelle geheescht huet. Et waren ongeféier 700-800 Schüler. Alles wär am Victor Hugo-Gebai. Et war flott, et war gemittlech. Mir haten eng Konferenz, wou all Enseignant een deen anere kannt huet, wou den Direkter all Enseignant kannt huet, an den Direkter selwer huet och nach eng grouss Partie vun de Schüler kannt. Mä an e puer Joer ass d'Schülerzuel drastesch eropgaangen, esou datt d'Victor Hugo-Gebai aus allen Néit regelrecht geplatzt ass. Esouguer all Raum am Keller war vun enger Klass besat. Eis Klasse koumen op Schichten an hate weder fest fräi Nomëtteger, nach hiren eegene Klassesall. Mir haten also regelrecht Wanderklassen.

Selbstverständlech war et eng grouss Erliichterung, wéi dunn dat nei Gebai zu Lalleng opgaangen ass, an dat war am Joer 1980. Mir haten elo wuel e schéint Gebai, wat och jiddereen appréciéiert huet. All Klass hat erëm hire feste Klassesall, d'Wanderklassen wären ofgeschaaft, mä dunn hate mer néi Wandergesellen, an dat waren d'Proffen an den Directeur.

Sécher war d'Iwwerleeung richteg fir ze soen, datt de Kontakt ënner Kolleegen a mat dem Direkter misst bestoe bleiwen, well den Direkter war jo haaptsächlech am Victor Hugo-Gebai, dat mir als Maison-mère bezeechent hunn, an dofir hunn d'Proffen och an deenen zwee Gebaier Stonne kritt, wat mat sech bruecht huet, datt d'Proffen hu missen dauernd hin an hier pendele vun engem Gebai an dat anert. Si waren an der Hetz, si waren am Stress, hu vill Sprangstonne mat a Kaf geholl. Wéivill Protokoller wéinst Falschparke bezuelt goufen, dat kann ee sech jo ganz liicht ausmolen. Den Direkter selwer war ni op där Plaz, wou e gebraucht gouf. Wann en am Victor Hugo-Gebai gebraucht gouf, da war en zu Lalleng, an elo mat fënnef Siten ass dat sécher och net méi einfach.

De Stonneplang opstellen, dat gouf ongeheier schwéier. D'Surveillance konnt nëmme mat ganz vill Efforte garantéiert ginn, d'Kollegialitéit ënner Kolleege gouf zu enger Saach vun der Onméiglechkeet, an domadder och d'Konzertatioun ënner Proffen, déi awer esou wichteg ass, wann et ëm d'Problemer vu Schüler geet, ëm d'Problemer vu Klassen. Den Direkter hat net emol d'Chance all seng Proffe kennen ze léieren.

Et gëtt een awer midd, der 350 am Ganze kennen ze léieren; dat ass jo onméiglech. Hie konnt se héchstens niewent der Conférence plénièrere, maximum ee- bis zweemol am Joer, gesinn. D'Proffen ënnereneen hu sech och net kannt, wat mat sech bruecht huet, datt e Partenariat tëschent Elteren, Schüler a Schoul einfach schwéier war fir hierzestellen, e Partenariat, vun deem mer awer ëmmer schwätzen.

Mat dësem Gesetz gëtt dat alles besser, obschonns ech perséinlech fannen, datt 1.300 Schüler och nach eng héich Zuel ass, mä et besteet erëm d'Chance, datt jidderee sech identifizéiert mat sengem Gebai, mat senger Schoul, mat senger Direktioun, mat senge Schüler, mat sengen Elteren a mat senge Kolleegen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zwee Lycéeë fonctionnéieren, wann haut an der Chamber alles riicht räisst, total autonom a bidden allebéid e kompletten Zyklus vu 7ième bis 13ième. Vläicht hätt kënne fir d'Opdeelung vun den eenzelne Sektiounen anescht iwwerluegt ginn. Ech ginn awer och zou, datt dat méi séier gesot ass wéi gemaach, well eng ideal Léisung gëtt et souwisou net. Mir brauchen nëmmen ze iwwerleeën, datt déi speziell Säll, déi deier Infrastrukturen, déi mer brauchen zum Beispill fir Atelieren, net kënne gläichzäiteg an zwee Gebaier offréiert ginn. Dat wär jo och net ze verantwerten. Ob een de Paramédical mam Commerce an ee Gebai gesat hätt, hunn ech mech och gefrot. Do ass gesot ginn, jo herno hu mer do nëmmen eng Schoul, wou zu 90% Meedercher ginn. Also, alles huet seng Avantagen, seng Désavantagen. Ech selwer kennen och keng ideal Léisung, sou datt ech soen, et muss ee just kucken, datt dat heite gutt geet, dann ass et schonn dat Richtegt.

D'Septième, d'Huitième an d'Neuvième fonctionnéieren an deenen zwee Gebaier identesch. An dat ass ganz besonnesch wichteg fir de Cycle inférieur an am Interesse vun de Schüler. Ganz besonnesch wichteg schéngt et mir ze sinn, datt déi Kleng vu Septième beroden a gehollef kréien.

Fir d'Orientatioun vun de Schüler op der Neuvième muss eng enk Zesummenaarbecht tëschent deenen zwee Gebaier bestoe bleiwen. A just dat war e Plus an där aler Schoul, trotz deenen aneren Nodeeler, déi ech erwähnt hunn. Déi zwee Lycéeë si gehalen zesummen ze schaffen, wa se dem Schüler wëllen no Neuvième seng bescht Chance ginn. Et kann net sinn, datt d'Orientatioun vu Schüler gemaach géif ginn nom Angebot an engem Gebai.

***(Interruption)***

Merci Här Scheuer, mir sinn nach ëmmer enger Meenung.

**M. Jos Scheuer** *(LSAP)*.- Mir hu gutt zesumme geschafft.

**Mme Nelly Stein** *(CSV)*.- Mir hu ganz gutt zesumme geschafft a mir schaffen haut och nach gutt zesummen. Den Trend geet jo dohin, datt d'Schüler sech an deem Gebai aschreiwen, wou déi Formatioun ugebuede gëtt, déi si gewielt hunn, awer e Changement, besonnesch no der Neuvième, muss an all Fall méiglech sinn.

D'Direktioun vum Escher Lycée technique huet scho ganz vill Viraarbecht am Hibléck op dëse Gesetzesprojet geleescht. Et sinn zéng Klasse vu Septième ageschriwwen. All Gebai huet fir d'Schouljoer 2002-2003 fënnef Septièmen. Ganz besonnesch huet hei de Kritär vum Transport gespillt. Et si virun allem d'Kanner vu Lalleng, Monnerech, Schëffleng, déi an d'Gebai op Lalleng kommen. D'Kanner vun Esch, Bieles, Suessem, zum Beispill, ginn elo a d'Victor Hugo-Schoul a spéider op Raemerech. Fir dës Décisioun ze erlichteren, goufen d'Elteren ugeschriwwen a krute matgedeelt, datt hiert Kand an dat an dat Gebai géif kommen. Wann d'Elteren net reagéiert hunn, da war et an der Rei. Mä grad ewéi am Primaire - an do kënne jo d'Buergermeeschteren all ee Liddchen dovu sangen -, wou mer Geschwësterkanner, an eent an datselwecht Gebai setzen, do gouf, wann d'Elteren de Wonsch ausgedréckt hunn, och nach e Wiessel virgeholl.

Och d'Personalfro ass scho gekläert. D'Proffe waren nämlech iwwert e Questionnaire gefrot ginn, wëlls du an d'Gebai A, wëlls du an d'Gebai B oder wëlls du an e Gebai, jee nom Besoin vum Service goen. Op Grond vun dësen Äntwerte konnt Personal opgedeelt ginn. Gréisstendeels hu se och Satisfaktioun kritt, woubäi awer och d'Alterpyramid respektéiert gouf a gekuckt gouf, datt d'Proffen an d'Proffinnen, wéi soen ech do, well Professorin ass net esou flott, mä déi Männlech an déi Weiblech gläichméisseg verdeelt sinn. Et ass kloer, dass bei esou enger Opdeelung net all Enseignant 100%teg Satisfaktioun konnt kréien, wann ee weess, datt vu vireran zum Beispill all d'Biologen am léifsten an deem Gebai sinn, wou déi respektiv Sektioun ass, wann ee weess, datt all Ingénieur sech do mellt, wou säi Fach ugebuede gëtt, a wann ee weess, datt all Maître d'enseignement technique dohi geet, wou och Dixièmen an Onzièmë sinn. Wien allerdéngs elo net zefridde gestallt konnt ginn -an ech hu mer soe gelooss, et sinn der maximal eng Dosen -, déi hu während dräi Joer eng Prioritéit bei allen Nominatiounen.

Ech wëllt zum Ofschloss all deene Leit merci soen, déi geschafft hunn, fir dass dëse Gesetzesprojet gläich konnt ëmgesat ginn. Merci och dem Ministère, mä virun allem och merci allen Direkteren a Proffen, déi während Jore villes mat a Kaf geholl hunn, fir datt d'Schoul sollt fonctionnéieren. Hinnen all wënschen ech ganz vill Freed an hirem Beruff, wëll et ass fir mech haut nach dee schéinste Beruff, deen et gëtt. Ech muss soen, ech sinn esou gären an déi Schoul gaangen, do war eng Ambiance, et war flott, ech géif jidderengem datselwecht wënschen.

***(Interruption)***

Ganz bestëmmt. D'Kollegialitéit war sécher vill méi grouss. Ech soe war. Ech wëllt der Madame Minister eng gutt Hand wënsche bei der Nominatioun vum Direkter. Een Numm fir d'Gebai, dee fanne mer, do maachen ech mer keng Suergen.

Ech géif am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu dësem Projet ginn, an lech, déi nogelauschtert hunn, merci soen.

***(Hilarité)***

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch agedroen. D'Madame Mutsch huet d'Wuert.

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP)*.- Merci Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Neischafung vun engem Lycée technique zu Esch berout op engem laangen Entwécklungsprozess. Deem zu Grond läit op där enger Säit d'Entwécklung vun de Schülerzuelen, op där anerer Säit awer och d'Entwécklung vun den techneschen a wirtschaftleche Rahmebedingungen, mat deenen neien Exigenzen, déi doduerch un eis Schoule gestallt gi sinn, an nach ëmmer gestallt ginn. Wat dat elo spezifesch fir de Standuert Esch bedeit, wëll ech hei an e puer kuerze Wierder duerstellen.

Eng berufflech Ausbildung hu mer zu Esch vum Ufank vum leschte Jorhonnert un. Awer eréischt duerch de Bau vun der Victor Hugo-Schoul am Quartier Uecht huet dës Ausbildung an den 30er Joren e richtegen Doheem fonnt. Dëst éischt Gebai ass Enn de 70er Joren ze kleng ginn, och a virun allem duerch déi Entwécklung, déi ech virdrun ugedeit hunn. 2.500 Schüler si schonn deemools quasi am Schichtunterrécht op dëser Plaz ausgebilt ginn. D'Konsequenz dovunner war e weidert Gebai zu Lalleng, ëm dat et am Fong geholl haut och geet. A genee deem Gebai entsteet nämlech elo duerch dëst Gesetz eng richteg Ecole de Commerce et de Gestion. Vu Septième bis Treizième kënnen d'Kanner e Formatiounswee aschloen, dee se a deem Beräich op den héchsten Ausbildungsniveau bréngt, deen et hei am Land gëtt. Dat geschitt an dësem Fall net duerch eng Schafung aus dem Näischt duerch de Bau vun enger Schoul op der grénger Wiss beispillsweis, wou een d'Kapazitéiten, d'Kompetenzen a d'Experienz vun de Enseignanten nach méi zesummeféiere muss, an duerno mat net manner Méi och nach d'Schüler fir déi nei Schoul zesummen trommele muss.

Am neie Lycée technique zu Esch ass dat anescht. Et gëtt e gewuessene Corps enseignant, deen eng laangjäereg Experienz huet, an deen esou ganz niewebäi och nach duerch all déi Joren d'Schüler zu ganz gutten, wann net zu beschten Examensresultater op Landesniveau gefouert huet. Zousätzlech gëtt an der Schoul eng Formatioun an der Vente ugebueden, déi jo direkt un de Commerce gekoppelt ass.

Trotz deenen Avantagen hu mer eis awer misse froen, ob et sënnvoll ass, d'Formation technique et professionnelle zu Esch a verschidden Entitéiten opzedeelen. Wann ee sech den Zoustand ukuckt, wéi en déi lescht Jore war, da stellt ee fest, dass am Escher Lycée technique op fënnef verschidde Plaze Schoul gehale ginn ass. Kee vun deene fënnef Sitë war onzoumuttbar, dat stëmmt, an trotzdeem ass et eng onhaltbar Situatioun, wann e Schoulbetrib op fënnef Standuerter organiséiert muss ginn. E Schoulbetrib mat esou vill Facettë vu Formatiounen, déi op esou vill verschiddenen Niveaue fonctionnéieren, wéi et am LTE de Fall ass, ka laangfristeg net optimal gefouert ginn. Dofir erschéngt et mer duerchaus räsonnabel a richteg ze sinn, dee Schoulbetrib op zwee Siten opzedeelen, an, esou ewéi et virgesinn ass, an d'Lallenger Schoul, déi just erwähnte Formation commerciale eranzebréngen, a déi traditionell technesch Formatioun an der Mechanik an an der Elektrobranche beispillsweis, um sougenannten ale Site ze beloossen. Och un dëser Schoul gëtt geschafft. Dozou kommen nach verschidden Ausbildungsweeër aus dem Artisanat.

D'Aarbechten zu Raemerech am Sommet, fir déi dote Schoul an d'Ausbildungsraimlechkeeten ze erneieren an ze verbesseren, si voll amgaang, a si sollen an zwee Joer ganz ofgeschloss ginn.

Zesumme mam Centre de Formation professionnelle continue, zu deem senger Installatioun mer déi viregt Regierung ëmmer nach begléckwënschen, entsteet dann e Komplex, dee sech hei am Land weise léist, an dee mat Sécherheet net nëmmen eis zu Esch, mä de ganze Süden zefriddestelle kann. A jiddereng vun deenen zwou Schoule ginn dann herno knapps iwwer 1.000, respektiv 1.200 Schüler an de Unterrécht, esou wéi et am leider nach ëmmer net offizielle Plan sectoriel vun de Lycéeë prekoniséiert ass.

Mir schafen also verbessert Konditiounen an allen Hinsichten. Am Beräich vum Standuert, am Beräich vum Transport, wat d'Schülerzuel ugeet, wat d'Raimlechkeeten, d'raimlech Integratioun vum Préparatoire um Site ubelaangt.

A well de Rapporteur op eng ganz sachlech an interessant Manéier am Detail op déi eenzel Avantagen agaangen ass, brauch ech dat net méi ze maachen, an him just an eisem Numm dofir merci ze soen.

Zum Schluss wëllt ech eng Kéier just nach op d'Schoul op der Victor Hugo-Plaz zréckkommen. Mir hu vun der Ministesch an Aussicht gestallt kritt, dass de Cycle inférieur an en Deel vum Gebai soll intégréiert ginn. Et wier nämlech och eng ganz gutt Plaz fir eng Primärschoul.

Mä wat geschitt mat deenen zwee, schonn zënter Joren desaffektéierte Fligelen, déi matten an Esch eis Landschaft verschandelen? Sinn an der Tëschenzäit Konklusiounen aus den Etüde gezu ginn, déi elo awer scho viru geraumer Zäit entaméiert gi sinn, a wa jo, wat sinn dann dës Konklusiounen a kéinte mer se eventuell genannt kréien?

Wa mer nämlech och nach dorop eng zefriddestellend Äntwert kéinte kréien, da kéinte mer mat nach méi Enthousiasmus deem heite Gesetz zoustëmmen.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Agny Durdu agedroen. D'Mme Durdu huet d'Wuert.

**Mme Agny Durdu** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech dem Rapporteur merci soen. fir säin ausféierleche schréftlechen a virun allem mëndleche Rapport, deen en de Mëtteg hei ofgeliwwert huet, an ëm merci soen, datt en och esou séier säi Rapport virgeluegt huet, fir datt mer de Projet hei konnten an der Plénière stëmmen.

Wann ech elo menge Virriedner nogelauschtert hunn, engersäits dem Rapporteur, deen en objektive Bericht duergeluegt huet an de richtege Sachverhalt, an dann der Mme Stein an der Mme Mutsch, stellen ech mat grousser Satisfaktioun fest, datt heibannen Unanimitéit iwwert d'Nécessitéit vun dësem Lycée besteet, an et mierkt een esouguer net méi heibannen, datt mer eng Majoritéit an eng Oppositioun hunn, well jidderee schéngt begeeschtert ze sinn iwwert dëse Projet.

Zréck geet en op eng Motioun vun der Chamber vum 24. Mäerz 1999. Dat ass ewell heibanne gesot ginn, wou d'Parteien alleguer der Meenung woren, et misst zu Esch eppes geschéien. Ech mengen, d'Mme Stein huet mat ganz vill Realitéitssënn erkläert, wéi dës Situatioun an deene leschte Joren no an no entstanen ass, an datt et fir eng Direktioun wierklech onméiglech ass, fir op fënnef Sitë present ze sinn an uerdentlech Aarbecht ze leeschten, obscho se sech während esou laange Joren déi do Aarbecht zu Déngschte gemaach huet.

Ech kann am Numm vun der Kommissioun der Madame Brasseur nëmme félicitéiere fir déi Aart a Weis, wéi et zu dësem zweete Gesetzesprojet koum. Mir kréien hei net nëmmen e puer Artikelen dohinner geluegt, mä et ass eng ganz Viraarbecht geleescht ginn. D'Presenz vun der Direktioun an der Kommissioun huet bewisen, op wat fir eng Aart a Weis, dass geschafft ginn ass, dass Ronndëschgespréicher wore mat den Enseignanten, mat den Elteren, an et ass vill geschafft ginn am Virfeld, esou datt mer am Fong geholl hei net nëmmen e fäerdege Gesetzestext hunn, mä datt am Fong geholl d'ganz Viraarbecht realiséiert ginn ass.

Dofir am Numm vun der Kommissioun eis Komplimenter an och eis Unerkennung un d'Direktioun, déi ganz konkret an effikass um Terrain geschafft huet. Ech mengen, et mécht elo kee Sënn, datt ech nach eng Kéier déi Artikelen, déi hei zur Ofstëmmung ënnerbreet gi sinn, analyséieren.

Iwwert d'Opdeelung vun de Fächer, déi mer an deenen zwee Lycéeë fannen, kann ee vläicht diskutéieren. Dat mag sinn, mä ech mengen, si berouen einfach op objektive Kritären, fir net onnëtz zweemol déi nämlecht Infrastruktur op zwee verschiddene Siten ze installéieren, an ech mengen, si wäert herno zu der Presenz vun enger équilibréierter Populatioun, engersäits tëschent Meedercher a Jongen, wéi iwwerhaapt vun der Zuel vun interesséierte Kanner féieren. Ech sinn iwwerzeegt, datt d'Enseignante kënnen, déi eng op där enger an déi aner op där anerer Plaz, déi Fächer enseignéieren, déi si gäre géifen enseignéieren.

Mir hunn hei elo e Lycée, wou mer herno wäerten op deenen zwee, op deem neien an deem ale Site, vu datt momentan nach keen Numm fir deen neie Site do ass, an deem ënneschten Zyklus Septième- bis Neuvièmes-Klassen hunn, wat menger Meenung no ganz gutt ass, an et ass ze ënnersträichen, datt och de Régime préparatoire an deenen zwee Lycéeë wäert present sinn, datt mer d'Iddi vun der Integratioun, déi mer hei am Land wëllen tëschent alle Kanner an engem Schoulgebai hunn, hei wäerten erëmfannen.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech hale mech weider ganz kuerz. Wéi gesot, ech géing mer wënschen, datt dëse Projet elo den Nomëtteg gestëmmt géif, an datt e virun allem séierstméiglechst ausgefouert géif, an datt d'Madame Minister eng glécklech Hand bei der Ëmsetzung, mä virun allem beim Fanne vum Numm vun deem neie Lycée huet. Mir als DP wäerten op alle Fall dëse Gesetzesprojet droen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här President, am Numm vum ADR wëll ech och dem Här Rapporteur fir säin ausféierleche Bericht félicitéieren. Ech wëll awer och meng Virriedner félicitéieren, wou engersäits d'Madame Stein déi technesch Detailer hei virgedroen huet an d'Madame Mutsch am Fong e bësse méi en historesche Réckbléck gemaach huet, esou dass ech dorobber ka verzichten a mer domadder vill Zäit wannen.

Wéi scho gesot, resultéiert déi Opspléckung vum aktuelle Lycée technique aus der Noutwendegkeet, fir am Fong kënnen déi steigend Zuel vu Schüler organisatoresch besser an de Gréff ze kréien. Ech mengen, dat war, wéi schonn hei gesot ginn ass, am leschte Jorzéngt, datt eng Steigerung vum Effektiv vu 46% nei Infrastrukturen noutwendeg gemaach huet, déi jo och hei an der Chamber gestëmmt gi sinn an domadder zur Verfügung stinn, awer och nei Weeër fir eng strukturell besser Organisatioun vum Unterrécht mat sech gezunn huet, déi jo dann och mat dësem Gesetz sollen a Kraaft trieden.

Wann 350 Enseignantë sollen op nei Infrastrukturen nei opgedeelt ginn, esou beduerf dëst selbstverständlech enger intensiver Mataarbecht, net nëmme vun den Administratiounen, net nëmme vum Législateur, mä awer och besonnesch vun deem Personal, wat betraff ass, an ech géif mengen - dat ass schonn hei ervirgehuewe ginn -, dass dat och ouni vill Problemer geklappt huet.

Dëst Gesetz soll elo fir d'Sessioun 2002/2003 a Kraaft trieden, an do stellt sech awer d'Fro, ob dat nach méiglech ass, well d'Schoul jo awer elo schonn amgaangen ass. E Règlement grandducal soll d'Organisatioun vun der Ausféierung vun dësem Gesetz regelen. Dat läit awer leider nach net vir, esou dass ee kaum domat rechne kann, dass déi nei Organisatioun an dëser Sessioun wäert iwwer d'Bühn kënne goen, ausser, dass dës Organisatioun schonn iwwert d'Bühn gaangen ass ier dëst Gesetz gestëmmt ass.

Als ADR wäerte mer op jidde Fall dëst Gesetz stëmmen, well mer der Meenung sinn, dass all sënnvoll Mesuren am Interesse vun der Educatioun nëmme kënne positiv Auswierkungen op déi nächst PISA-Etüd hunn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all puer Méint versammele mer eis hei an enger grenzenloser Leidensbereetschaft, fir eis vun der Bildungsoffensiv iwwerrullen ze loossen, fir net ze soen, plattwalzen ze loossen, an natierlech eng vun de Mamme vun alle Schluechten an där Bildungsoffensiv ass d'Schafung vun esou engem neie Lycée, och wann et dee Lycée eigentlech scho gëtt. An dofir ass et natierlech derwäert, dass mer hei e formidabele Gesetzestext vu siwen Artikelen op de Métier geholl hunn.

Déi siwen Artikele soen eis, dass mer e Schoulgebai mat enger Organisatiounsstruktur a mat engem Numm behaften. Déi soen eis weider, dass et eng Offre scolaire gëtt, déi et och scho gëtt. Déi soen eis des Weideren, dass d'Personal agestallt gëtt no engem Gesetz, wat et och scho gëtt. Déi soen eis weider, dass den Direkter agestallt gëtt no enger Prozedur, déi et och scho gëtt. An déi soen eis, dass vun der Rentrée un, déi et och scho ginn ass, déi heite Prozeduren a Kraaft trieden. Dat sinn natierlech formidabel Erkenntnisser an dësem Gesetzestext, déi et derwäert sinn, dass mir eis zwee-, dräimol versammelt hunn an der Kommissioun, fir doriwwer ze debattéieren.

Ech wëll zwar den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet ginn, well et ass sécherlech näischt Schlechtes. Allerdéngs hätte mir eis, genau wéi bei deene Lycéeë virdrun, zu Mamer an um Geesseknäppchen, e bësse méi vun esou engem Text erwaart. Ech kommen dorobber nach ze schwätzen

Zwee Aspekter wëll ech nach ervirsträichen. Éischtens déi Geschicht, dass et iwwerhaapt dozou komm ass, dass dee Lycée vun Esch an zwee gespléckt ginn ass. Dat ass eng Motioun, déi mir sengerzäit hei abruecht hunn. An do wëll ech awer der Madame Stein hiren Enthousiasmus e bësse bremsen, well déi Motioun ass an enger Phas op Drock vun hir, well si nämlech net domat d'accord war, an d'Kommissioun verwise ginn, an dunn ass se eréischt heihinner zréckkomm, esou dass ech elo frou sinn, dass d'Madame Stein e Gesinnungswandel gemaach huet, well deemools war se net mat där Separatioun an zwee Gebaier d'accord als Presidentin vun der Educatiounskommissioun. Ech hunn, wann Der se wëllt liesen, d'Texter vun den Debatte vun deemools do. D'Motioun ass op Drock vun der Madame Stein an d'Kommissioun zréckverwise ginn, mä wéi gesot, nëmmen domm Leit änneren hir Meenung ni an d'Madame Stein gehéiert net dozou, dofir huet se hir Meenung geännert. Dat ass jo ganz erfreelech.

Ech hunn d'Dokumenter do leien, well dat war de 7. Juli 1998, wann ech mech net ieren, mä ech misst awer um Datum kucken.

Da wëll ech nach kuerz op den Numm agoen. Do war et jo scho beim Numm vun der Madame Aline Mayrisch de St. Hubert zu Divergenze komm. Ech hat och an der Kommissioun en Numm proposéiert, deen eigentlech jidderengem Rechnung gedroen hätt, nämlech den Här Schleimer, dee sengerzäit Direkter war vun deem Gebai an der Madame Schleimer-Kill, déi eng vun de grousse Figure vun der Emanzipatiounsbestriewung, haaptsächlech am Escher Raum, war. An dann hätt ee jo kënnen dee Lycée Schleimer nennen, mä do ware verschidde Leit aus verschiddene Grënn net domadder d'accord. Et kéint een deen natierlech dann och Madame Kill nennen, well dat jo de Meederchersnumm vun der Madame Schleimer-Kill ass. Et kéint een natierlech och aner Nimm zu Esch fannen, wéi zum Beispill de fréiere Buergermeeschter, den Här Arthur Useldinger. A wa mir en aneren Numm wëllen, kënne mer ëmmer nach der Madame Stein hiren Numm huelen, well si war jo sécherlech eng, wéi mer héieren hunn, vun deene begeeschterte Protagonistinnen vun dem Enseignement an deem Lycée technique vun Esch.

Mä Spaass bei Säit, ech wëll kuerz drop agoen, firwat dass mir eigentlech vun deem Projet de loi, och wa mir e stëmmen, enttäuscht sinn. Firwat stëmmt een esou ee Projet de loi iwwert de Fonctionnement vun engem Lycée? Aus dräi Grënn.

Éischtens hate mir hei an der Chamber eng einmüteg Motioun gestëmmt, dass mer souwuel am Kulturberäich wéi am Educatiounsberäich sollten higoen an esoubal wa mir en neie Contenant géife stëmmen, parallell dozou och de Contenu géifen definéieren. Dat geschitt ëmmer mat engem klengen Déphasage, mä et geschitt. Dat ass net ëmmer de Fall gewiescht.

Zweetens hate mer awer och geduecht, dass mer kéinte vun der Schafung vun neie Lycéeë profitéieren - well dat ass jo déi éischte Kéier säit Jorzéngten, dass a leschter Zäit nei Lycéeë geschafe ginn -, fir eng Amorce vun Autonomie de fonctionnement an och Autonomie pédagogique virzegesinn. Dat ass an dësem Fall genau esou wéineg geschitt wéi am Fall vum Lycée Aline Mayrisch an am Fall vum Lycée vu Mamer.

Déi drëtt Nécessitéit oder déi drëtt Méiglechkeet wär och gewiescht, fir deenen neie Lycéeën e gewëssene Profil pédagogique ze ginn, wou een hätt kënne soen, an enger gewëssener Regioun ginn et gewësse Lycéeën, déi spezialiséiere sech net nëmmen op gewësse Fächer mä och op gewësse Methoden, fir an deene Fächer déi se hunn, virzegoen. Dat ass och an dësem Kontext verpasst ginn an dat deet eis ëmsou méi Leed wéi déi Erkenntnisser déi aus der PISA-Etüd elo an der Kommissioun op eis gereent sinn, zimlech eendeiteg sinn, well ech mengen all Spezialisten a Spezialistinnen, déi mer komme gelooss hunn, hunn eppes ganz kloer gesot, dass déi Länner am erfollegräichsten an der PISA-Studie ofgeschnidden hunn, déi eng gréisstméiglech pedagogesch Autonomie hire Schoulgebaier zouerkannt hunn.

Et kann een natierlech iwwert d'Envergure an d'Bandbreite vun där Autonomie streiden. Mir sinn natierlech déi

lescht, déi géife wëllen do eng Dereguléierung oder eng Privatiséierung prekoniséieren, mä mir sinn awer iwwerzeegt, dass méi eng grouss pedagogesch Autonomie vun de Schoulgebaier sécherlech eisem Schoulsystem zegutt géif kommen. An do gëtt et de Moment an den Instanzen, déi awer net d'Chamber sinn, well d'Chamber kritt dat jo ëmmer als lescht, en Avant-projet de loi portant sur l'organisation des établissements d'enseignement post-primaire. A wann ech mir deen Avant-projet de loi hunn däerfen ukucken, obwuel en net an der Chamber läit, do muss ech soen, dass déi Dispositiounen, déi de Moment doranner virgesi sinn, net grad eng autonomistesch Offensiv duerstellen. A wann ech mech un dat erënneren, wat zum Beispill den Urvater vun der Bildungoffensiv, den Här Eugène Berger, heiansdo hei an dësem Plenum vertratt huet, an och wat zum Beispill am Avis vum Conseil supérieur de l'éducation nationale zum Thema Autonomie ze liese war, da si mer nach wierklech wäit dovun ewech. Mir sinn esou guer vläicht nach Schrëtter zréckgaangen.

Et huet een och misse feststelle beim PISA-Hearing, dass verschidden Direkteren aus de Secondaires-Gebaier, besonnesch aus dem Secondaire technique, sech ganz staark gemaach hu fir eng méi grouss Autonomie, natierlech engersäits pro domo. Si hu méi e staarke Rôle vun der Direktioun gefuerdert. Si hunn natierlech keng Stellung geholl zu där Fuerderung vum Conseil supérieur fir d'Direkteren op fënnef Joer, mat enger Verlängerungsméiglechkeet, ze wielen. Mä dat ass jo zimlech kloer.

Et ass awer och vill geschwat ginn iwwer d'Cogestioun vun all deene sëlleche Gremien, déi och an deem Avant-projet de loi zitéiert sinn, also Gremien, esou wuel vun deenen eenzelnen Teilnehmer an der Schoul, also Elteren, Schüler, Schülerinnen a Proffen, awer och déi Cogestiounsgremien. Et ass och drop higewise ginn, dass eng méi grouss Autonomie géif erlabe méi Activités parascolaires ze organiséieren, an dorauser e spezielle Profil pédagogique ze entwéckelen.

An natierlech dee leschte Punkt, deen e bëssche méi delikat ass, mee dee sech awer an neie Gebaier méi einfach realiséiere léisst, dee vun deem méi geziilte Rekrutement, zumindestens vun enger Partie vun den Enseignanten an den Enseignanten an enger gewëssener Schoul.

Wéi gesot, mir bedaueren, dass an deenen dräi leschte Projets de loi guer näischt dovunner ze spieren ass. Mir hoffen awer dass am Kader vun den Diskussioune ronderëm deen Avant-projet de loi, deen ech zitéiert hunn, et, ier et zu engem Projet de loi kënnt, nach vläicht zwou Modifikatioune méiglech sinn, an dorfir hu mer eng Motioun hei virbereet, déi d'Regierung opfuerdert, à la lumière vun den Erkenntnisser vu PISA, nach eng Kéier ze iwwerdenken, ob et net gutt wär, fir awer gewëssen Elementer vun Autonomie pédagogique an dat Gesetz anzebréngen, a wann do nach keng fix Iddiën do sinn, kënnt een awer vläicht den Débat méi an d'Öffentlechkeet bréngen.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- rappelant qu'à l'origine des projets de loi sur le nouveaux établissements de l'enseignement postprimaire était la détermination d'entamer un processus d'autonomie administrative et pédagogique au sein de ces établissements,*

*- constatant que le présent projet de loi ne comporte aucun élément substantiel d'autonomie pédagogique ou administrative,*

*- rappelant le document de réflexion du Conseil supérieur de l'éducation nationale et de nombreuses interventions au parlement en la matière,*

*- soulignant que l'évaluation des résultats de l'étude PISA, notamment dans les pays nordiques, montre qu'un processus d'autonomie nuancée en matière de pratiques pédagogiques et d'autogestion administrative est susceptible d'augmenter la qualité et la diversité de l'enseignement postprimaire dans notre pays,*

*invite le Gouvernement*

*- à revoir, dans la lumière de l'étude PISA, les modalités contenues dans l'avant-projet de loi portant organisation des établissements d'enseignement postprimaire,*

*- à affiner notamment les dispositions relatives au rôle de la direction, aux responsabilités des différentes instances de cogestion et aux activités pédagogiques autonomes, en tenant compte du document de réflexion du Conseil supérieur de l'éducation nationale,*

*- à soumettre la question de l'autonomie scolaire à un large débat dans les milieux concernés et dans l'opinion publique.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

De leschte Punkt, an dee gehéiert natierlech do derzou, ass dee vun dem Profil pédagogique. Mir hate schonn deemools bei der Schafung vum Lycée vu Mamer, wéi mer de Bauteprojet vu Mamer hei debattéiert hunn, alleguerten doriwwer geschwat, dass et vläicht interessant wier ze profitéiere vun engem neie Lycée, fir och do e Profil pédagogique ze erstellen. Et ass dunn awer net zustane koum, och net beim Lycée Aline Mayrisch, obwuel et beim Lycée Aline Mayrisch dann iwwert den Ëmwee vun engem interne Reglement dozou koum ass, dass do awer méi Autonomie zustane komm ass, wéi an anere Gebaier, wat natierlech erëm eng Kéier dozou féiert, dass déi Leit, déi e gewëssene Sënn fir Autonomie hunn, e bësse jalous sinn op aner Gebaier, an dobäi hätte mir et léiwer gehat, et géif eng kohärent Linn an den Autonomiebestriewunge ginn, an och an de Bestriewunge vu Profils pédagogiques, an duerfir wëll ech an dem Sënn och eng Motioun abréngen, dass bei deene sëllechen neie Lycéeën, déi elo nach wäerten op eis duerkommen, trotzdem gekuckt gëtt, well dat jo meeschtens Lycéeën sinn, déi an de Regioune sinn, wou et schonn eng relativ grouss Offre scolaire gëtt, wéi jo zum Beispill am Süden, dass een awer emol kënnt kucken, ob et net méiglech wier, an deenen Lycéeë gewëssen originell pedagogesch Projeten a priori virzegesinn, an och de Rekrutement vun den Enseignantën an Enseignanten an deem Sënn ze bewerkstellegen.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*Considérant*

*• qu'au-delà de la nécessité de compléter les infrastructures scolaires de notre pays par un programme de construction d'infrastructures scolaires adaptées aux besoins croissants, il importe de mettre en pratique certaines idées sur l'autonomie des établissements de l'enseignement postprimaire,*

*• que la notion d'autonomie scolaire ne doit pas se limiter aux aspects de gestion, mais que la notion d'autonomie pédagogique, dans les limites des missions de l'école publique, devra être affinée et concrétisée, notamment par des expériences pilotes,*

*invite le Gouvernement*

*• à conférer aux futurs lycées les missions pédagogiques et les structures de gestion permettant le déroulement d'une expérience d'autonomie pédagogique dès la mise en service,*

*• à élaborer, bien avant la mise en service, un projet d'autonomie pédagogique en vue d'associer très tôt des enseignantes intéressées et des enseignants intéressés à cette expérience.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, trotz eiser Enttäuschung kënne mir deen harmlose Projet dann awer gudde Gewëssens stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

**M. Marc Zanussi** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen, an Dir Hären, zum Projet selwer ass elo scho vun de Virriedner ganz vill gesot ginn. Ech wëllt mech a menger Interventioun op zwee Elementer beschränken, déi engersäits mat dem Lycée selwer ze dinn hunn an anerersäits mam Plan sectoriel.

Den éischten Punkt, deen ech wëllt nach eng Kéier hei ervirsträichen, an deen ech ausdrécklech begréissen, ass d'Tatsaach, dass an deem heite Lycée et elo fäerdegbruecht ginn ass op deenen zwee Siten de Régime préparatoire ze integréieren. Ech denken, dass mer mat där doter Moossnam där grousser Diskussioun, déi mer och am Kader vun der Pisa-Etüd regelméisseg gefouert hunn, an och nach wäerte féieren, fir Chancegerechtegkeet vis-à-vis vun alle Schüler ze garantéieren, e Schratt méi no kommen.

Ech sinn och frou ze héieren, dass d'Madame Durdu op dëser Plaz ebenfalls déi dote Moossnam begréisst huet. Ech bedaueren dann awer hei nach eng Kéier, an dat gëllt net nëmme fir d'Madame Durdu, dass se net deen doten Discours beim Lycée zu Péiteng gefouert huet, well zu Péiteng ass d'Situatioun vun de Schüler déiselwecht wéi an deem heite Lycée, a wa mer zu Péiteng deeselwechte Courage gehat hätten, dee mer hunn, fir dat hei ze maachen, da wär d'Ausernanersetzung ëm dee Lycée sécherlech eng aner ginn, wéi déi, déi mer dee Moment haten. Dofir mengen ech, ass et awer ni ze spéit, fir et besser ze maachen, an ech denken, dass d'Regierung dann aus deenen Diskussiounen och geléiert huet.

Aus dem Projet, dee mer elo hei virleien hunn, gesäit een, dass eng Rei vun Elementer an der éischter Mouture vum Plan sectoriel Lycée enthale sinn. Et ass an der Diskussioun, déi mer an der Kommissioun haten, drëm gaangen, an deem Plan sectoriel Lycée an d'Richtung vun engem vertikale Regruppement vun de Formatiounen ze goen. Et muss een awer kritesch am A behalen, wéi dee vertikale Regruppement vun de Formatioune sech wäert auswierken, ob an dësem Lycée déi dote Moossnam net dozou féiere wäert, dass d'Schülerpopulatioun ausbleift. Ech denken, dass een dat Element do opmierksam muss suivéieren.

Den zweete Punkt, deen och am Kader vum Plan sectoriel diskutéiert ginn ass, ass deen iwwert Fro vun der Zuel vun de Schüler. Effektiv gëtt deem heite Projet Rechnung gedroen, nämlech dass d'Zuel vun de Schüler an deenen neie Gebaier méi niddreg läit, wéi se elo an deem Gebai do war, wat u sech och eng gutt Saach ass.

Am Zesummenhank mam Plan sectoriel stelle sech awer fir eis eng Rei vu Froen, op déi ech wollt an dësem Zesummenhank zréckkommen. Mir hunn de 24. Abrëll 2001 déi éischte Kéier iwwert de Plan sectoriel Lycée an der Chamberkommissioun geschwat. An deem Dokument, wat ganz nobel Absichten enthält, geet dovunner Rieds, dass dee Plan sectoriel der demographescher Entwécklung Rechnung droe soll, dass véier verschidde Pôlen am Land sollen ageriicht ginn, dass all Pôle e komplett Ugebuet vum schouleschen Niveau soll ubidden, a véiertens, dass virun allem d'Lycées de proximité solle gefuerdert ginn, fir den Trafik an de Verkéier vun de Schüler ze reduzéieren.

An dësem Dokument, Här President, Dir Dammen, an Dir Hären, ass och iwwert d'Entwécklung vun de Schülerzuele Rieds gaangen, an ech ka mech erënneren un déi Interpellatioun vum Här Garcia, virun deem engen oder anere Joer, wou mer eis intensiv iwwert d'Infrastrukturen ënnerhalen hunn. Do hu mer am Fong dat confirméiert kritt, wat deemools och schonn hei diskutéiert ginn ass. An deem Dokument vum Plan sectoriel gëtt et zwou Varianten, eng Variant, déi en héije Wuesstum virausseet, an eng aner, déi en nidderege Wuesstum virausseet. Déi Kommissiounsmembere waren integral der Meenung, dass wann ee vu Wuesstum schwätzt, d'Uwuesse vu Schülerzuelen, een am Fong misst déi zweet Variant berücksichtegen déi seet, dass bis Joer 2010 hei zu Lëtzebuerg ronn 11.000 Schüler wäerte bäikommen. Wann een et vergläicht mam Schoulraum, deen am Moment zur Verfügung steet, konstatéiert een en Defizit fir Schüler an der Héicht vu 8.000. Dat sinn der enorm vill, an eleng am Süden en Defizit vu Schoulraum fir 3.000 Schüler, wat ganz héich ass.

Et gëtt och festgestallt am Joer 2001, dass zu deem Datum nach ëmmer 3.000 Kanner an alen, préfabriqués Raimlechkeete sëtzen, eng Situatioun, där am Fong, an do ass jiddereen domadder d'accord, sollt remédiéiert ginn.

Zu deem Plan sectoriel stelle sech, wéi gesot, eng Rei vu Froen:

1. ass de Plan sectoriel jo en Deel aus dem Gesetz iwwert den Aménagement du Territoire vun 1999. Wou ass de Plan sectoriel um legislative Plang drun? Gëtt et en Deel vum Gesetz iwwert den Aménagement du Territoire? Gëtt et e Règlement grand-ducal, oder wat fir eng Form kritt deen dote Plan sectoriel? Et wier flott, wann ee vu der Ministerin heiriwwer kënnt eng Äntwert kréien.

An der Kommissioun ass och iwwert déi Fro vun den Neibauten a vum Zäitraum diskutéiert ginn, deeen noutwendeg ass, fir e Lycée ze bauen. Et ass dovunner geschwat ginn, dass kuerzfristeg dräi zousätzlech Lycéeën direkt solle gebaut ginn: een am Osten, een am Norden, een am Süden. Et ass och gesot ginn, dass deen een 2005, deen aneren 2006, an deeen drëtten 2008 un d'Netz soll goen. Et steet och am Dokument, dass innerhalb vun deenen nächsten zéng Joer sechs bis siwen nei Lycéeë musse gebaut ginn, fir de Besoinen entgéintzekommen.

D'Bauzäit an d'Dauer vu der Planung stinn ebenfalls am Dokument mat 8, 4 Joer an et ass vu jiddfrengem bedauert ginn, dass deen Zäitraum esou laang ass. Am Plan sectoriel oder a deem Dokument steet dann och, dass d'Bauverwaltung soll all Méiglechkeete kréien, fir déi Délaien ze reduzéieren. D'Madame Brasseur huet den 11. Abrëll an der Kommissioun ugekënnegt, dass si géing e Projet de loi ausschaffe loossen, fir déi Bauzäit a déi Planungsphasen ze reduzéieren.

Wann een noliest, wat an der Regierungserklärung steet, esou steet do, dass Efforte solle gemaach ginn. Datselwecht steet am Wahlprogramm vun der Demokratescher Partei, an och an deem vun der CSV.

Ech wollt am Fong ofschléissend nach froen, wéi wäit dass deen dote Projet gediën ass a wat fir eng Äntwerten, dass et op déi dote Froen gëtt?

Ofschléissend mengen ech, dass mer als Fraktioun deen heite Projet kënne stëmmen an hoffen, dass d'Regierung weiderhin de gudde Virschléi vun de Sozialiste Rechnung dréit.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin huet elo d'Erzéiungsministesch, d'Mme Anne Brasseur, d'Wuert.

**Mme Anne Brasseur**, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee leschte Projet, dee mer hei an der Chamber gestëmmt hunn iwwert d'Educatioun, war deen iwwert d'Eropsetzung vun der Zuel vun den Inspekteren an d'Schafe vu Bureaux régionaux am Kader vum Primär. Dat ass e Projet, deen d'Unanimitéit vun dësem Haus krut. Ech mierken, datt deen nächste Projet, deen elo um Ordre du jour steet, dee fir d'Kreatioun vun engem neie Lycée zu Esch och d'Unanimitéit vun der Chamber kritt. Et gesäit een also, datt an der Educatioun een och kann d'Unanimitéit op Projete kréien, och wann op der Place publique an och heibanne kontrovers diskutéiert gëtt.

Dofir wonnert et mech net, datt niewent där Unanimitéit awer dann aner Punkten hei opgeworf ginn, déi näischt mam Projet ze dinn hunn, fir ze weisen, datt et awer nach Problemer gëtt. Datt et nach Problemer gëtt, weess ech, an ech wëllt d'Problemer wäre viru menger Zäit all geléist ginn, dann hätt ech d'Liewe méi einfach, an da wier et och haut méi einfach, fir all d'Acteuren an der Schoul.

Or, dat ass net esou, an esouguer wann ech all Projeten an deenen Delaië kënnt fäerdegstellen, wéi ech mer dat géing wënschen, an da géing et vill méi séier virugoen, kënnt een net soen, d'Aarbecht wär eriwwer, well d'Aarbecht ass ni gedoen. Besonnesch an der Educatioun, wou dauernd eng Evolutioun ass, muss ee sech permanent a Fro stellen, a muss een all Projet ëmmer erëm op de Métier huelen.

Ech wëll bei dësem Projet de loi dem Rapporteur villmools merci soen, fir déi Aart a Weis wéi e säi Rapport virgedroen huet a mat wellecher Kompetenz a mat wellecher Sachlechkeet en dat hei gemaach huet. Dofir e ganz grousse Merci.

Och déi aner Intervenanten hunn dat mat groussem Engagement gemaach. Wa mer hei zu där Unanimitéit kommen, a wann et méiglech ass e Projet ze stëmmen, deen net zu gréisseren Opreegunge féiert, dann ass dat, well gutt Viraarbecht geleescht ginn ass. A fir déi Viraarbecht wëll ech all deene merci soen. déi doru geschafft hunn, an dat sinn haaptsächlech d'Leit aus der Schoul selwer. Et sinn nämlech si um Terrain, déi gekuckt hunn, zesumme mat de Beamten aus dem Ministère, wéi een dat kënnt am beschten ugoen. An et gëtt ganz oft probéiert dann ze soen, mä do ass scho Viraarbecht geleescht ginn. Jo, déi Viraarbecht muss een awer leeschten, fir dann an aller Sérénitéit kënnen driwwer ze diskutéieren.

Et ass nämlech net evident e Gebai, wat 2.500 Schüler ëmfaasst, iwwert 350 Enseignanten, Personnel éducatif, administratif et technique, wat op fënnef Sitë verdeelt ass, esou ze géréieren, datt et gutt fonctionnéiert. An och dofir wëll ech all deene Leit merci soen, déi doru matgewierkt hunn. Dat ass d'Direktioun mat der Equipe vun der Direktioun, dat sinn all d'Enseignanten an dat ass de Personnel administratif, technique et éducatif. E Gebai nämlech ass net nëmmen d'Infrastrukturen, mä e Gebai ass virun allem d'Leit, déi dat composéieren. An do huet de Lycée technique vun Esch ganz gutt Aarbecht gemaach, trotz deene Contrainten, an deene se hu misse schaffen.

De Lycée technique vun Esch huet eng pedagogesch Autonomie a deen huet zum Beispill e System vun Tutorat agefeiert. Dat wat also hei vum Här Garcia gefuerdert gëtt, datt duerch d'Gesetz misst d'Autonomie kommen, do huet Esch bewisen, datt een dat ka maachen. Ech ka se nëmmen ënnerstëtzen op där Schinn virunzefueren. D'Autonomie muss nämlech vun deene Leit gedroen a gemaach ginn, déi an engem Gebai sinn, an ech géing et net gutt fannen, wann d'Politik géing déterminéiere wéi dann e Gebai am Detail ze fonctionnéieren huet. Pedagogie mécht sech nämlech um Terrain, a mécht sech mat Sécherheet net an der Chamber, och wa mer hei eng Partie Leit hunn, déi aus deem Métier kommen, besonnesch aus dem Lycée technique vun Esch.

D'Madame Stein huet elo grad ervirgestrach, wien alles do enseignéiert huet, an ech wëll soen, et woren och fréier Schüler, déi heibanne sinn, déi an de 50er Joren do an d'Schoul gaange sinn, wéi et nach d'Beruffsschoul wor - zum Beispill den Här Glesener, huet mer dat gesot. Et ass net un der Politik ze definéieren, wéi e Schoulgebai ze fonctionnéieren huet, mä et ass d'Schoulgebai selwer mat sengen Acteuren, déi dat mussen entwéckelen, an do besteet eng Dynamik, déi ech och wëll ënnerstëtzen.

Fir de Kader fir d'Schoulentwécklung ze schafen, ass en Avant-projet de loi an der Diskussioun, an dee gëtt mat deene concernéierte Leit fir d'éischt diskutéiert, ier mer domadder an d'Kommissioun ginn. Well et kann een net mat Iddien an d'Kommissioun goen, ier ee mat de Leit um Terrain geschwat huet. Well Iddien, déi een huet, mussen och an der Praxis ëmsetzbar sinn. Ech halen näischt vu groussen Theorien, déi an der Praxis net realiséierbar sinn. Ech gi léiwer esou vir, datt ee kuckt wat machbar ass, wéi ee pragmatesch ka virgoen, an dat da mat de Leit um Terrain ëmzesetzen.

Wann een déi nei Lycéeë kuckt, déi kreéiert gi sinn, wéi de Lycée Aline Mayrisch, do gesäit een, datt sech do eng Dynamik entwéckelt huet, déi och méiglech ass am jëtzege Kader. Och zu Mamer wäert eng ganz Partie vun Initiativen an deem Sënn kommen.

An och hei huet een e Gebai, wat awer op eng Traditioun kann zréckgräifen, well d'Personal schonn en place ass, an dofir mengen ech, wier et net gutt, wa mer vun hei aus deene géinge soen, wéi se ze fonctionnéieren hunn. Dofir kann ech och déi zwou Motiou-

nen, déi den Här Garcia hei presentéiert huet am Numm vu deene Gréngen, net unhuelen, an ech géing d'Chamber bieden, se ze rejetéieren.

Et sinn nach Froe gestallt ginn iwwert d'Mise en vigueur. Et wor virgesinn, datt dat vun dëser Rentrée u géing lafen. Et leeft de facto vu dëser Rentrée un. Ech wollt proposéieren, datt d'Poste vum Direkter an duerno dee vum Directeur adjoint géingen ausgeschriwwen ginn, datt een da kann den 1. Januar operationell sinn, datt et also an dësem Schouljoer leeft, an datt mer vum 1. Januar u prett sinn, fir dat ze maachen.

Wat d'Personalfroen ubelaangt, ass et richteg, datt dat en concertation mam Personal geschitt ass. Et si vu deenen 350 Leit, déi betraff sinn, der 15, deenen hire Wënsch net konnt Rechnung gedroe ginn. Mä ech mengen, datt de Projet awer doduerch net kann opgehale ginn, an déi hunn, wéi de Rapporteur dat och gesot huet, nach dräi Joer d'Méiglechkeet prioritär fir eng Nominatioun ze optéieren.

Ee Wuert nach zum Numm. E ass richteg, datt all Lycée soll en Numm kréien, an dat ass, ier ech Minister gi sinn, duerch Règlement grand-ducal gemaach ginn. Dat kann och gemaach ginn. Bei deenen zwee Projeten, déi ech abruecht hunn, hat ech selwer en Numm proposéiert an dat direkt an d'Gesetz geschriwwen. Dës Kéier ass keen Numm, deen esou evident wor, deen ee konnt op dee Lycée setzen, esou datt ech dat wäert duerch Règlement grand-ducal nohuelen. Ech hoffen, datt een dann awer e gudde Choix kann treffen.

Nach ee Wuert zum Plan sectoriel, eng Fro, déi vum Här Zanussi opgeworf ginn ass. Et gëtt esou gemaach wéi et am Gesetz virgesinn ass, iwwert den Aménagement du Territoire, an et gëtt e Règlement grand-ducal geholl. D'Prozedur ass genee am Gesetz virgeschriwwen, esou datt ech dat net brauch hei ze widderhuelen.

Den Här Zanussi huet nach gemengt, ech hätt an der Kommissioun gesot, et kéim e Projet de loi fir d'Bauprozeduren ze accéléréieren,. Dat hunn ech net gesot. D'Education nationale géing e Projet de standardisation entwéckelen, fir datt d'Prozedur duerno kann accéléréiert ginn, well fir d'Bauprojeten ass den Educatiounsminister net zoustänneg, mä de Bauteminister, wéi den Här Zanussi dat jo och weess. Dee Programme de standardisation ass entwéckelt ginn an deen ass elo un de Bauteminister gaangen, esou datt deen nächste Lycée, dee gebaut gëtt, an zwar dee vu Réiden, wou de Programm och fäerdeg gestallt ginn ass, dann op Grond vu deene Standardisatioune geschitt. Mir hunn eis och un der Standardisatioun inspiréiert, fir de Programm vum Lycée Hubert Clément ze développéieren, de Lycée Hubert Clément, wou mer eis jo all wënschen, datt en op d'Lentille Terres-Rouges kënnt.

Dat also wat d'Kompetenze vum Educatiounsminister ubelaangt. Ech hoffen natierlech, datt mer eng Prozedur fannen, wou mer d'Baute kënnen accéléréieren. Allerdéngs wann ee kuckt, wéi an deene leschte Froe vum Marché public reagéiert ginn ass, da weess ech net, ob mer et fäerdeg bréngen, dat do iwwerhaapt ze accéléréieren.

Den Här Zanussi deen ass beharrlech, Här President, wéi mer wëssen, an deen huet selbstverständlech och nach eng Fro.

**M. Marc Zanussi** *(LSAP)*.- Madame Ministerin, ech wollt Iech nach eng Kéier froen, am Zesummenhang mam Plan sectoriel. Et ass an der Rei, datt dat e Règlement grand-ducal gëtt, an datt et no de Prozedur vum Gesetz iwwert den Aménagement du territoire soll ofgeweckelt ginn, mä: Wéi wäit ass deen Text? Wéi wäit ass den Text inhaltlech fäerdeggestallt, fir dass e kann op den Instanzewee goen?

Mir haten an der Kommissioun den 11. Abrëll en Dokument. Ass dat d'Schlussdokument? Huet sech dorunner eppes geännert? Wéi ass de Stand vum Dokument? Dat wollt ech am Fong mat menger Fro wëssen.

**Mme Anne Brasseur**, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- De Stand vum Dokument ass deen, dass am Secteur vum Osten nach musse Prezisiounen an de Programm bruecht ginn. Am Ufank wollte mer dräi Pôles d'enseignement. Et schéngt sech awer erauszeschielen, datt mer e véierte Pôle d'enseignement kréien, wou Gréiwemaacher, wou Iechternach a wou Jonglënster dran ass. Do mussen nach Ofstëmmunge kommen an deem Text, mä all déi aner Punkte si prett, sou dass mer parallell dozou awer schonn d'Programmer fir déi Schoulen, déi schonn arrêtéiert sinn, notamment de Lycée vu Réiden an de Lycée op de Frichen vu Belval virun développéiert hunn an net mussen op de Plan sectoriel waarden, fir iwwerhaapt Aarbechte kënnen ze entaméieren.

Ech mengen, Här President, domat hätt ech op d'Froen all geäntwert. Ech géing nach eng Kéier allen Intervenante villmools merci soen an all deenen, déi sech ëm déi Schoul zu Esch këmmeren, weiderhi bonne chance wënschen. Ech wëll besonnesch awer de Schüler, well ëm déi geet et, alles Guddes wënschen, dass se eng gutt Scolaritéit an der Schoul maachen an och do déi Qualifikatioun kréien, déi hire Kapassitéiten an hiren Aspiratiounen entsprécht.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Madame Lydia Mutsch huet nach eng Fro.

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP)*.- Ech hunn nach eng Fro un d'Madame Minister ze stellen. Kënnt Dir eis Opschloss ginn iwwert Gebailechkeeten op der Victor-Hugo-Plaz?

**Mme Anne Brasseur**, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- D'Gebailechkeeten op der Victor-Hugo-Plaz, do widderhuelen ech dat, wat ech der Mme Mutsch an der Kommissioun gesot hunn a wat ech an Entrevuë gesot hunn. De Stat hält d'Gebai op der Victor-Hugo-Plaz, dat aalt Gebai, wat an engem ganz gudden Zoustand ass. Ech verstinn zwar ganz gutt, dass d'Gemeng Esch begeeschtert wier, fir dat Gebai ze iwwerhuele fir hir eege Schoulzwécker. Wat déi aner Gebaier ubelaangt, déi an engem schlechten Zoustand sinn…

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP)*.- Dat ass, dat wat ech mengen, Mme Minister!

**Mme Anne Brasseur**, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Nach eng Kéier, ech sinn net Bauteminister, ech hunn déi Analysen net gemaach, ech wäert dat awer viruleeden, a wa mer dann d'Resultat hunn, wann dann am Bauteministerium d'Resultat vun deenen Analyse virläit, da wäert et och esou sinn, dass d'Chamber dat matgedeelt kritt, an och selbstverständlech den Escher Schäfferot, dee bestëmmt och dorun interesséiert ass.

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP)*.- Jo, deen zënter dräi Joren op déi Äntwerte waart.

**Mme Anne Brasseur**, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Ech soen Iech merci.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Frot d'Madame Minister emol nach wéi Qualitéit vun deenen neien Timberen ass!

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wollt nach d'Parole après ministre.

**M. le Président**.- Den Här Garcia huet d'Wuert fir Parole après ministre.

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, fir d'éischt wollt ech mech bei der Madame Stein entschëllegen, dass ech hir eng ongeheierlech Ënnerstellung gemaach hunn. Ech hunn nämlech an dem Text, wou déi zwou Motioune mateneen ofgehandelt gi sinn, gesinn, dass d'Mme Stein zwar Skepsis hat par rapport zu der Séparatioun vu Péiteng an Déifferdeng, mee si war awer domat d'accord an huet déi Motioun och mat gedroen, fir déi Escher Gebaier an zwee ze deelen. Dobäi hat se och eng gutt Nues, well dat heiten ass jo lo geschitt. Dat zu Déifferdang ass jo nach en suspens.

Ech wollt awer nach eppes Zweetes soen, wat vill méi interessant ass an dem Beräich. Ech huelen Akt dovunner, dass d'Mme Ministerin déi zwou Motioune vun eis oflehnt. Dat interesséiert mech besonnesch am Fall vun der zweeter Motioun. Well déi zweet Motioun ass textuellement déiselwecht wéi déi vum 2. Juli 1998. Déi Motioun war deemools net nëmme vun der Chamber unanimement ugeholl ginn, mä si war och ënnerschriwwe ginn, ausser vu mir, vu folgende Leit: vun engem gewëssenen Eugène Berger, engem Fernand Greisen, engem Jean-Claude Halsdorf an enger Madame Nelly Stein. Also kann ech feststellen, dass no véier Joer d'Offensiv vum Här Berger zimlech no hanne gaangen ass, well déiselwecht Motioun mat deeneselwechte Wierder, déi deemools hei eng gréisser ökumenesch Begeeschterung ervirgeruff…

***(Interruption et hilarité)***

Wann een natierlech no der PISA-Etüd an deem heiten Domän seng Meenung ännert, dann ass ee wierklech domm.

**Une voix**.- …dësen Text ass och aus der PISA-Etüd.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir maachen d'Lecture vun den Artikelen a stëmmen of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 7 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwert de Projet de loi 4871.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Théo Stendebach), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

***Motions***

Mir kommen zu de Motiounen. D'Motioun 1 ass vum Här Garcia explizéiert ginn.

De Vote électronique ass verlaangt.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 1 vum Här Garcia sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 34 Nee-Stëmmen a 25 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: Mme Nelly Stein et M. Fred Sunnen.*

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4978 iwwert d'Regierungssubventioune fir de siwente Fënnefjoresplang am Beräich vum Sport.

Et si schonn ageschriwwen déi Häre Haupert, Zanussi, d'Madame Durdu, d'Häre Colombera, Garcia, Urbany a Scheuer. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Xavier Bettel. Den Här Bettel huet d'Wuert.

## 3. 4978 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un huitième programme quinquennal d'équipement sportif et modifiant l'article 1er de la loi du 24 décembre 1997 concernant le septième programme quinquennal d'équipement sportif

***Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports***

**M. Xavier Bettel** *(DP)*, rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. De Projet de loi ass den 2. Juli 2002 déposéiert ginn. De Conseil d'Etat huet den 9. Juli 2002 säin Avis ofginn a mir hunn den 18. September, den 1. Oktober an eiser Kommissioun de Projet de loi analyséiert an ee Rapport gestëmmt. De Projet gëtt schonn haut ofgestëmmt.

Wann een d'Rapporten an d'Avise liest vum Conseil d'État zum COSL, gëtt et hei eng Persoun, där een dierf merci soen. Dat ass d'Mme Brasseur. Duerch deen heite Gesetzesprojet gëtt enfin d'Exigence vum Conseil d'Etat realiséiert, an ech zitéieren de COSL: "Le COSL se félicite, le COSL ne peut qu'approuver, le COSL adhère à l'idée…"

Also Dir gesitt, dat heiten ass ee Projet de loi, dee mat enger grousser Approbatioun, op jidde Fall vun deenen zwee Organer, déi ëm een Avis gefrot gi sinn, adoptéiert ginn ass.

Wat gesäit dee Projet de loi vir? Et si siwen Artikelen. Den éischten Artikel gesäit eng Envelopp vir vun 120 Milliounen Euro fir d'Joer 2003 bis d'Joer 2007. Dat ass deen aachte Programme quinquennal. Deen éischten huet 1968 ugefaang.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Dat do ass da fir d'Equipements sportifs. Déi gi vun de Gemenge gebaut, vun de Syndicats intercommunaux, oder vun nationale Sportsorganisatiounen.

Den Artikel 2 vun deem Projet de loi gesäit vir, dass de Ministère des Sports, deen d'Attributiounen huet, och e Programm dann ausschafft, dat heescht, dass och net honnertdausend verschidde Ministèren do eng Kompetenz hunn, mee exclusivement de Ministère des Sports, wat och richteg ass. Ech kommen derno nees drop zréck.

Am Artikel dräi ass virgesinn, wéi déi Aide ass. Dat heescht, fir eng Gemeng kann dat op 35% eropgoen, fir eppes Regionales bis op 50%. Et kann esouguer bis op 70% eropgoen, wann et en Intérêt national huet. Dat heescht, d'Regele si fest a kloer. Den Artikel 4 gesäit vir, dass een zum Beispill kënnt à titre exceptionnel fir Gemengen eng Aide ginn, déi wierklech net genug Infrastrukturen hunn.

Den Artikel 5 ass eng Erneierung, wouhier och de Luef vum Conseil d'Etat a vum COSL komm ass. Dat ass, datt d'Mme Brasseur an deem heite Projet de loi d'Renovatiounen an de Maintien vun de Installatiounen aus dem Plan quinquennal erausgeholl huet. Wann een nämlech d'Geschicht kuckt vun de Plans quinquennaux, kuckt, zum Beispill bei dem Véierten, do wou en Dépassement vu 65 % vum Plan quinquennal war, dann ass do ëmmer gebaut ginn, an dunn ass e bësse gefléckt ginn, an et ass e bëssen hei gemaach ginn, an dunn ass et mat de Suen nees vir an hannen net duergaangen, an esou ass da vun deem nächste Plan quinquennal schonn eng Partie vun de Sue grevéiert gewiescht. De véierte Plan quinquennal mat 65% zum Beispill. Et ass kloer, dass all Kéiers Dépassementer waren.

Duerfir huet d'Madame Brasseur bei deem heite Projet de loi alles wat d'Renovatioun an de Maintien vun den Installatiounen ugeet, iwwert den normale Budget lafe gelooss an net méi iwwert de Plan quinquennal. Duerfir och den Artikel 6, deen de Plan quinquennal, de siwenten, nach completéiert, wou eng Zomm vun 22 Millounen Euros derbäi kënnt.

Wann ech elo e bësse méi an den Detail ginn, da gief ech Iech erlaben ze soen, dass den 8. Plan quinquennal d'Realisatioun zum Beispill virgesäit vun zéng Halls multisports, aacht Halls de sports, dräi Salles de sports, dräizéng Piscines couvertes, uechzéng Terrains de sports, aacht Halls de tennis, enger Installation d'escalade, enger Piscine en plein air et l'agrandissement d'une patinoire.

Dir gesitt virun allem, dass et grouss Infrastrukture sinn, wou selbstverständlech och d'Gemengen drop ugewise sinn, fir eng gewëssen Hëllef ze

kréien, well dat net nëmmen am Intérêt vun de Gemengen ass, mä och am Intérêt vun de Schoulen. Ech mengen, d'Madame Brasseur ënnerstëtzt mat dësem Projet de loi och de Sport à l'école, deen gëtt. Je no de Schoulzäiten ass et jo méiglech, dass dës Infrastrukture verschiddene Clibb zur Verfügung stinn, dat heescht, et ass am Intérêt vu ganz ville Leit an net nëmme vun enger Gemeng. Et sinn och duerfir regional an national Infrastrukturen, déi gebaut ginn.

Am Projet de loi, dee mer kritt haten, steet dat jo och kloer dran, dass dat zum Beispill dräizéng Equipementer fir Gemenge sinn, wou am Moment keng Hal oder keng Schwemm ass; dass eng hallef Dosen Installations nouvelles fir spezifesch Sportspraktike sinn, wéi zum Beispill Cyclisme, Ski nautique, Kajak, Patinage oder Pétanque.

A wat och virun allem luewenswäert ass, dat ass, dass d'Madame Brasseur sech engagéiert huet, dass se an Zukunft en Inventaire actualisé wäert maache vun de Besoinen u Sportinfrastrukturen.

Et ass fir d'Gemengen - ech hunn et virdru gesot - gutt, dass elo d'Spillregele schwaarz op wäiss do stinn, well eng Gemeng, déi op d'Aide vum Stat waart fir eppes, wat se gebaut huet, an da gesot kritt, et si keng Sue méi an der Keess, Dir musst nach véier, fënnef Joer waarden, well et gi beim nächste Plan quinquennal eréischt Sue bezuelt, dat ass net korrekt. Elo weess all Gemeng, wat se ka kréien, och dass net an all Gemeng eng Schwemm gebaut gëtt, mä au contraire gekuckt gëtt, fir op regionalem Niveau déi Saachen ze koordinéieren.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Ech wëll dann och nach hei eng leschte Kéier der Madame Brasseur merci soen. Ech fannen dat ëmmer gutt, wa mer bei engem Projet de loi eng Fiche financière dobäi hunn, dat ass net ëmmer de Fall, an net nëmmen eng Fiche financière, mä och carrément, wat mat deene Sue geschitt, dat heescht, et ass schwaarz op wäiss am Projet de loi. An der Kommissioun krute mer ausgedeelt, wat gebaut gëtt, wéi et gebaut gëtt, an ech fannen dat ganz korrekt. Dat heescht, et ass kee Chèque en blanc, dee gemaach gëtt. Et huet zwar laang gedauert, et ass elo deen aachte Programm, mee vun deem heiten un ass méi Kloerheet an deem Ganzen.

Deen, deen deen dote Projet de loi net stëmmt, deen huet näischt verstanen. Ech soen Iech merci.

***(Brouhaha général)***

**M. le Président**.- De Rapporteur huet eng Bemierkung gemaach, déi e vläicht besser gehat hätt, net ze maachen.

Den Här Haupert ass als éischte Riedner agedroen.

***Discussion générale***

**M. Norbert Haupert** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem de Kolleeg Xavier Bettel hei de Projet an allen Detaile virbruecht huet, kéint ech mech am Fong geholl a menger Interventioun dorop beschränken, fir méi allgemeng Reflektiounen iwwert de Sport hei ze maachen, déi awer an de Kader vun dësem Projet erapassen.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst, datt de Sport an eiser heiteger Zäit ëmmer méi eng grouss Importenz anhëlt, an dat aus verschidden Ursaachen, wou ech der besonnesch hei véier wëll ervirsträichen.

Éischtens: Mer liewen an enger Zäit, wou d'Leit ëmmer méi siesshaft ginn a sech ëmmer manner bewegen. Dat geet u mat eise Kanner, déi mer mueres mam Auto an d'Schoul féieren, an duerno och erëm siche ginn, an amplaz se dobausse spillen an der frëscher Loft, sëtze se praktesch déi ganz Zäit no der Schoul virun der Televisioun oder virun hirem Computer. Dat geet mat eis selwer viru mat eisen Déplacementer op d'Aarbechtsplaz, wou jiddereen am léifsten eng Parkplaz nieft senger Aarbecht géif virfannen, fir datt en am beschte vu sengem Bett aus bis op de Bürosstull transportéiert gëtt, ouni eng Minutt an der frëscher Loft ze sinn, an ouni sech e puer Meter missen ze déplacéieren. Dat erstreckt sech souguer op eis Manéier, wéi mer eis Kommissioune maachen oder wéi mer eise Fräizäitbeschäftegungen nokommen. Och do géife mer am léifsten all Déplacement mam Auto maachen.

Zweetens: Mir liewen an enger Gesellschaft, wou d'Leit ëmmer méi Fräizäit hunn, an och weider nach wäerte kréien, a wou der vill sinn, déi sech net mat hirer Fräizäit zurechtfannen. Am Interesse vun eiser Gesellschaft, géif ech mengen, an och besonnesch am Interesse vun deene Leit ass et, datt mer hinnen eng Méiglechkeet bidden, hir Fräizäit op eng interessant an nëtzlech Manéier ze miwweléieren. De Sport, souwuel den aktive wéi de passiven, bitt mat Sécherheet eng Méiglechkeet fir eise Bierger hir Fräizäit nëtzlech an interessant ze gestalten.

Drëttens: Mir liewen an enger Gesellschaft, wou ëmmer méi Leeschtung verlaangt gëtt, wou am Beruff nieft dem Kënnen an der Intelligenz och nach Ausdauer a kierperlecht Stehvermögen eng wichteg Roll spillen. Wéi kann een déi besser fleege wéi duerch eng sportlech Aktivitéit?

Véiertens: Mir ginn an eiser hektescher Zäit ëmmer méi oft Stresssituatiounen ausgesat, op der Aarbecht, am Verkéier dobaussen, souguer beim Akafen. An dee Stress iwwerdréit sech och bis an d'Familljen eran, an dat féiert zu ville Problemer, mat deenen eis Gesellschaft haut konfrontéiert ass. Ville Problemer wéi Depressiounen, wéi Suiciden a wéi Divorcen. An näischt ass méi effikass, ech brauch Iech et net ze soen, fir den Ofbau vum Stress, wéi eng intensiv kierperlech Aktivitéit an dat am beschten dobaussen an der frëscher Loft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéinst der Importenz vum Sport an eiser heiteger Gesellschaft ass d'öffentlech Hand gefuerdert, fir den néidege Kader ze schafen an déi néideg Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir datt de privat organiséierte Sport a senger Missioun, déi dora besteet, de Sport an eiser Gesellschaft a besonnesch bei eiser Jugend ze förderen, nach ka gerecht ginn.

Dat iewescht Zil vun der Sportorganisatioun ass net fir Championen erunzezillen, mee hiert Zil läit vill méi an der Förderung vum Sport fir eis Gesamtbevölkerung, fir datt d'Leit sech alleguer op iergendeng Manéier sportlech betätegen an domat un de Wäerter, déi am Sport léien, deelhuele kënnen.

Dofir ass et wichteg, datt mer éischtens de Sport an eise Schoule förderen, fir datt all Kand déi an eiser Gesellschaft gängeg Sportaarte kenneléiert a se beherrsche kann. Doduerch soll dem Kand de Sënn an d'Freed zum Sport vermëttelt ginn, a besonnesch soll dem jonke Mënsch d'Méiglechkeet gebuede ginn, fir mat där Sportaart a Kontakt ze kommen, fir déi hien déi bescht kierperlech Viraussetzunge matbréngt an déi him am meeschte Freed mécht. Dat sinn d'Aufgabe vun der Sporterzéiung an eise Schoulen.

Besonnesch wichteg ass awer de Schoulsport fir déi Kanner, déi nieft hirer Schoul keng sportlech Aktivitéit bedreiwen. Dofir ass et vu gréisster Wichtegkeet, datt mer der Sporterzéiung an eisem Unterrecht déi Plaz reservéieren, fir dass de Sport sengem Stellewäert an eiser Gesellschaft gerecht gëtt, a besonnesch déi senger Importenz an der Ausbildung vun eiser Jugend zoukomme misst.

Mir musse Strukture schafen a Moossnamen ënnerstëtzen, déi deenen, déi hire Sport um Niveau vun der Compétitioun a vun der Héchstleeschtung wëlle bedreiwen, d'Méiglechkeete bitt, dat ouni Contrainte an ouni sozial Nodeeler maachen ze kënnen. D'Strukturen heifir bidden eis Veräiner a Federatiounen, op déi ëmmer méi Verantwortung an Aarbecht zoukënnt, an déi op d'Ënnerstëtzung vun der öffentlecher Hand ugewise sinn. D'Moossname mussen am Kader vun eise gesetzlechen Dispositioune geholl ginn, fir déi ganz Aarbecht vun eise Veräiner a Federatiounen optimal ze begleeden.

Déi Ënnerstëtzung muss awer den Efforten an de Leeschtunge vun deenen eenzelne Sportaarten ugepasst sinn. Et kann net sinn, dass eng Gemeng oder de Stat fir d'Bezuele vun exorbitanten Transferten oder Indemnitéite vu Sportler oder Trainer an d'Keess gebiede gëtt, ouni datt en ugepasst sportlecht Resultat virläit. Am Géigendeel soll d'öffentlech Hand fir déi normal Gestioun, administrativer an technescher Natur, vun de Veräiner a Verbänn opkommen, fir datt mir och an der Zukunft Leit fannen, déi hir Fräizäit, ouni Entschiedegung, am Intérêt vun eiser Jugend zur Verfügung stellen.

An drëttens mussen Infrastrukture geschafe ginn, fir dass de Schoulsport, de Compétitiounssport an de Fräizäitsport sech fräi entfale kënnen. De Finanzement vun engem Deel vun deenen Infrastrukture geschitt iwwert d'Fënnefjorespläng fir d'Sportséquipementer. De Projet, dee mir hei virleien hunn, soll de Finanzement vun dem aachte Plang assuréieren. Obschonn ech ugangs gesot hunn, dass ech mech hei géing op méi allgemeng Aspekter vum Sport beschränken, wéilt ech awer zum Schluss e puer Wieder iwwert den aachte Fënnefjoresplang verléieren.

Déi, déi mengen, ech géing elo fir déi eng oder déi aner Infrastruktur, fir déi eng oder aner Gemeng hei antrieden, muss ech leider enttäuschen. Och hei wëll ech mech méi op allgemeng Iwwerleeunge beschränken, a besonnesch op e puer Remarken agoen, déi de Comité olympique et sportif vu Lëtzebuerg a sengem Avis zum Projet gemaach huet.

Eng vun den Aufgabe vum Sportsministère läit doran, Suerg ze droen, dass d'Sportsinfrastrukturen iwwer d'ganzt Land gläichméisseg verdeelt sinn. Et kann net sinn, datt eng ganz Generatioun vu jonke Leit aus iergendenger Regioun vun eisem Land zum Beispill net schwamme léiert, well an där Regioun keng Piscine virzefannen ass. Eise President, deen elo net hei ass, kéint eis bezeien, wéi wichteg a wéi interessant datt et ass, wann een och nach an engem gewëssen Alter schwamme kann, fir seng Gesondheet ze förderen. Wat natierlech fir Piscinë wouer ass, ass och fir all aner Sportsinstallatioun wouer.

Dofir begréisse mir och, datt de Ministère amgaangen ass, en Inventar vun de Sportsinfrastrukture op engem Support informatique opzestellen. Domat kann een d'Schwaachstellen an eisem Land a puncto Sportinfrastrukture feststellen a Moossnamen an d'Wee leeden, fir dass an deene benodeelegte Géigenden eppes ënnerholl gëtt, fir de Besoine vun eiser Jugend um sportleche Plang gerecht ze ginn. Dofir deele mir och d'Meenung vum COSL, datt eng regional Approche um Plang vum Bau vun neien Infrastrukture Virrang géintiwwer enger lokaler Approche muss hunn.

Ee vun de fundamentale Problemer vun de Sportsinfrastrukturen ass dee vun der optimaler Beleeung vun eisen Halen a Piscinen. Et däerf net sinn, dass Terrainen, Schwemmen oder Halen exklusiv engem oder e puer Veräiner virenthal sinn an doduerch daagsiwwer eidel do stinn. Grad sou ass net ze verantwerten, datt d'Sportsinfrastrukturen an de Schoulen nëmmen 30 Stonne pro Woch a 36 Wochen am Joer benotzt ginn, well se exklusiv dem Schoulsport reservéiert sinn. Et ass kloer, dass dës Infrastrukturen net "à porte ouverte", ouni Surveillance, fir all Mënsch zur Verfügung stoe kënnen. Et muss awer méiglech sinn, eng optimal Notzung vun dësen Installatiounen tëscht Schoulsport, Fräizäitsport a Compétitiounssport ze assuréieren.

Dat bedingt eng optimal Surveillance vun dësen Installatiounen, déi net eleng op de Schëllere vun dem Portier oder vum Platzwaart ka leien. Soss geet et an Zukunft, wéi et bis elo ëmmer de Fall war, datt de Portier décidéiert, wéini dass d'Halen zur Verfügung stinn a wie se benotze kann. Dat ass eng onméiglech Situatioun fir de Portier, wéi fir eis Veräiner. An dat ass eng regelrecht Verschwendung vun den öffentleche Gelder. Wa mer schonns déi eemoleg Geleeënheet hunn, de Sports- a den Unterrechtsministère an därselwechter Hand ze hunn, misst mat dëse Mëssstänn endlech Schluss gemaach kënne ginn. Et ass eng Geleeënheet, déi mir net verpassen däerfen.

D'Installatioune mussen de Veräiner an de Federatioune gratis zur Verfügung stoen. Et kann net sinn, dass si um Bezuele vun den Onkäschten, déi duerch eng Manifestatioun vun enger Installatioun entstinn, mat erugezu ginn. Och wann e Veräin oder eng Federatioun op där enger oder anerer Organistioun emol e Boni mécht, da wëll dat net heeschen, datt e sech doduerch beräichert. De Boni déngt jo nëmme fir d'Onkäschten, déi op hiren normalen Aktivitéiten entstinn, auszegläichen.

D'Situatioun ass awer eng ganz aner, wann eng Privatpersoun oder eng Gesellschaft mat enger sportlecher oder kultureller Manifestatioun an enger öffentlecher Hal e Gewënn wëllt erzilen. Do ass et nëmmen normal, datt déi fir de Finanzement vun den Onkäschten opkomme mussen, an dat eleng fir keng deloyal Konkurrenz mat de Bedreiwer vu private Sportinstallatioune opkommen ze loossen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir begréisse selbstverständlech, dass den Iwwerhang vum siwente Fënnefjoresplang aus der Enveloppe vum aachte Fënnefjoresplang erausgeholl ginn ass, an dass eng speziell Enveloppe fir d'Verbesserung vun de bestoenden Infrastrukture virgesinn ass. De Finanzement vun dëse Verbesserunge soll an Zukunft als Dépense ordinaire an den normale Budget vum Sportsministère opgefouert ginn. Dofir ass déi Enveloppe och nëmmen op de Finanzement vun de Verbesserungsaarbechte fir déi nächst dräi Joer limitéiert. Duerno soll e spezielle Kredit am jährleche Budget vum Sportsministère fir dës Ausgaben ageschriwwe ginn.

Här President, ofschléissend wéilt ech ënnersträichen, datt alles an allem de Projet en zefriddestellenden a besonnesch fir de Sport esouguer en excellente Programm enthält, an dass en d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun wäert fannen. Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Haupert. Den nächsten Orateur ass den Här Zanussi.

**M. Marc Zanussi** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Projet 4978 iwwert den aachte Fënnefjoresplang fir d'Sportsinfrastrukturen, dee mir hei diskutéieren, sollt een och d'Geleeënheet profitéieren, fir e puer méi allgemeng Wierder iwwert de Sport u sech ze verléieren. An ech denken, dass am Laf vun deene leschten Diskussiounen, déi mir op där enger oder anerer Plaz an der Kommissioun schonn haten iwwert déi Avisen, déi et vum COSL iwwert de Schoulsport gëtt, iwwert d'Diskussiounen an deenen eenzelne Parteien, iwwert de Comité olympique, ass et wichteg, dass een déi doten Diskussioun effektiv féiert. A wann een iwwert de Sport insgesamt diskutéiere wëllt, dann ass et natierlech wichteg, dass een niewent den Infrastrukturen, déi een zur Verfügung stellt, och ee gesetzleche Kader schaaft, deen déi sportlech Aktivitéiten an den adequate Kader setzt.

Dofir wollt ech op dëser Plaz einfach nach eng Kéier d'Fro un d'Madame Minister stellen, wéi deen aktuelle Stand vum Sportsgesetz ass. Ech ka mech erënneren, dass mir an der Kommissioun eng Kéier doriwwer diskutéiert hunn. Offensichtlech huet d'Regierung deen een oder deen aneren Amendement zum Text eragereecht. Ech wollt einfach dës Geleeënheet profitéieren, fir ze froen, wou mer mat der legislativer Prozedur vun deem Projet dru sinn, wëssend, dass et e Projet ass, dee vun der Sportswelt erwaart gëtt an och eng Rei vun Hoffnungen dragestach ginn.

Wann een elo iwwert de Plan quinquennal diskutéiert, dann ass virdru scho vum Rapporteur a vu menge Virriedner op d'Entwécklung vun deenen eenzelne Sportaarten agaange ginn. Et ass dovunner geschwat ginn, dass d'Leit, déi Sport maachen, ëmmer méi al ginn. De President ass virdrun zitéiert ginn. Ech hoffen, net eleng wéinst sengem Alter. Et ass och dovunner geschwat ginn, dass d'Zuel vun de Sportaarten an d'Luucht geet, a Gläiches an Ähnleches méi. Ech wéilt da bei där Geleeënheet och dem Rapporteur merci soe fir säi Rapport.

Et ass och richteg, dass mir weiderhi Sportsinfrastrukture brauchen. Et ass och richteg, dass mir mussen drop oppassen, dass e regionaalt Gläichgewicht besteet, an dass et an de Regioune keng ze vill graff Ënnerscheeder gëtt an d'Populatioun queesch duerch d'Land - an dat soll d'Suerg si vun esou engem Plang - méiglechst déiselwecht Méiglechkeete kritt, fir aktiv Sport ze bedreiwen. Et ginn och permanent souwuel un d'Sportswelt wéi un d'Gemengen néi Erausfuerderunge gestallt, wat d'Infrastrukturen ubelaangt.

Och do wollt ech d'Madame Ministerin ëm hir Positioun froen am Zesummenhang mat deene Fuerderungen, déi zum Beispill vun der Fussballfederatioun un eenzel Gemenge geriicht gi sinn. Offensichtlech huet déi europäesch Fussballfederatioun Richtlinnen erausginn, no deenen eng Rei vu Veräiner, déi an der Nationaldivisioun vum Fussball spillen, eng Rei vu Viraussetzunge mussen erfëllen um infrastrukturellen Plang, fir an Zukunft nach kënnen hir Lizenzen zu kréien, an déi Erausfuerderunge sinn u sech, sécherlech fir de Fussball interessant, mee mat engem enorme finanziellen Opwand fir d'Gemenge verbonnen. Wann zum Beispill op engem Terrain 500 Lux Liicht owes verlaangt ginn, heescht dat, dass praktesch op all Fussballsterrain sämtlech Masten a sämtlech Luuchte mussen erneiert ginn.

Wann dovunner geschwat gëtt, dass op engem Fussballsterrain wéinstens 500 Schuelesëtzer mussen ubruecht ginn, da gëtt dat bei enger ganzer Rei vun Terrainen eng grouss, eng héich Zomm vun Investissementer. Sollt dat de Fall sinn - well et gëtt offensichtlech bei der UEFA och nach en Zäitplang, während deem déi dote Moderniséierunge musse gemaach ginn -, misste sech jo och déi dote Moderniséierungsaarbechten am Finanzéierungsplang vum aachte Fënnefjoresplang erëmfannen. Si sinn am Moment net dran, an dofir wär et flott vu Säite vum Ministère ze héieren, wéi do d'Positioun ass. Ass dat richteg? Sinn déi Revendicatiounen an deem Mooss an an deem Zäitplang eescht ze huele vun de Gemengen, oder net?

Dat Instrument vum Plan quinquennal ass en Instrument, wat et scho während enger ganzer Rei vu Jorzéngte - 35, 40 Joer - gëtt. Et gëtt an deenen eenzelne Rapporten dervu geschwat an et ass geplangt 120 Milliounen Euro auszeginn. Et weess een aus Erfahrung, dass an deene Jore virdrun ëmmer hu misse Rallonge gestëmmt ginn, fir de Besoine vun deenen eenzelne Projeten nozekommen. Dat ass da meeschtens iwwer e Spezialgesetz oder iwwer eng Ligne budgétaire geschitt. Dat hat dann awer oft zur Konsequenz, dass eng Rei vu Retarde beim Ausbezuelen vun de Subside komm sinn, wat fir déijéineg, déi d'Sue virgestreckt haten, net agréabel war.

Am Artikel 3 gëtt da vun den Tauxe geschwat, déi weiderhin onverännert bleiwen: 35% fir Ariichtungen, déi e kommunalen Zweck hunn, 50% fir d'Ariichtungen, déi e regionalen Zweck hunn, a 70% fir déi, déi en nationale Charakter hunn. An der Kommissioun hu mer doriwwer geschwat gehat, wéi déi Tauxe géingen applizéiert ginn. D'Ministerin huet ganz kloer geäntwert, dass am Normalfall, wann et e kommunale Projet ass, och déi 35% zougestane ginn, a wann et regional ass eben och déi 50%, dat ass relativ kloer.

Am Artikel 5, deen am Fong déi grouss Neiheet vun dësem Plan quinquennal beinhalt, nämlech d'Tatsaach, dass d'Renovatiounsaarbechten an d'Ënnerhaltskäschten net méi iwwert de Plan quinquennal, iwwert dee Fong do bezuelt ginn, mä dass dat soll eng Ligne budgétaire ginn, mat der Iwwerleeung - déi net falsch ass -, dass déi Aarbechten, déi als Revisiounen oder als Erneierunge considéréiert ginn, net esou laangfristeg kënne geplangt sinn, méi oft kuerzfristeg antrieden.

Déi Iwwerleeung schéngt richteg ze sinn. Wann een an der Erfahrung vun de Gemengen dat kuckt, kann een deem u sech zoustëmmen. De Conseil d'Etat huet dat schonn déi eng oder aner Kéier gefrot. De Comité olympique huet a sengem Avis och geschriwwen, dass dat doten u sech eng gutt Saach wär. Et si fir déi nächst Joren 20 Millioune Kreditter virgesinn op déi dräi nächst Exercice verdeelt. Fir dat nächst Joer sollen et 7 Millioune sinn.

Déi Dispositioun ass zwar nei am Text, mee aus der Erfahrung eraus, weess een, dass et och an der Vergaangen-

heet Projeten, déi grouss Renovatiounen erfuer hunn, wou praktesch nach just d'Carcasse ronderëm bestoe bliwwen ass, ënnert de Plan quinquennal gefall sinn, an als nei Projete considéréiert gi sinn an och deementspriechend da subventionéiert ginn.

Dofir stelle sech fir eis bei deem Artikel do einfach eng Rei vu Froen. Froen, déi ee sech och kënnt stelle beim Artikel 3, mee déi am Artikel 3 si kloer, nämlech déi, wéi héich déi Subventionéierung ausgesäit, wéi d'Tauxen ausgesinn. An der Kommissioun hate mir déi do Diskussioun, a mir hu gesot kritt, dass se am Prinzip 10% ënnert deenen Tauxe leien, déi am Artikel 3 festgeluegt gi sinn. Et ass eis och gesot ginn, dass et eng Commission interdépartementale gëtt, déi der Ministerin Virschléi iwwert d'Héicht vun deenen Tauxe mécht.

Mir waren als Fraktioun am Fong der Meenung, dass bei esou vill Geld, dat do verdeelt gëtt, a fir d'Garantie ze hunn, dass eng honnertprozenteg Transparenz besteet, d'selwecht wéi mam Plan quinquennal déi Prozeduren och fir den Artikel 5 sollte gëllen. Mir wollten iwwert de Wee vun enger Motioun d'Regierung invitéieren dofir ze suergen, dass d'Kritären, an de Wee, deen zu deenen Tauxe féiert, iwwert de Wee vun engem Reglement festgehale ginn.

Mir wollten och proposéieren, dass am Rapport annuel vum Ministère eng Lëscht dran ass, aus där kloer erausgeet, wat fir eng Projete mat wat fir engem Taux vum Ministère subventionéiert ginn, dat transparenzhalber, oder informatiounshalber vis-à-vis vun alleguerten deenen, déi bedeelegt sinn.

Et soll wierklech net sou verstane ginn - déi Motioun hei -, dass et e Mësstrauen an iergendenger Aart a Weis géint déi aktuell Ministerin ass, mee einfach, wann esou eng Reglementatioun géing getraff ginn, wier se selbstverständlech och gëlteg fir déi nächst Regierung an déi nächst Sportsministeren. Mir sinn einfach der Iwwerzeegung, dass et mat esou engem Reglement, mat esou enger klorer Linn, méi transparent wier wéi et elo ass - net méi an net manner. Ech wollt déi Motioun hei an deem Sënn deponéieren.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant le nombre considérable de projets de rénovation et de modernisation de l'équipement sportif dans tout le pays,*

*- considérant que les besoins financiers estimés nécessaires par le Gouvernement en matière de rénovation et de modernisation d'installations sportives sont de l'ordre de 20 mio d'Euros pour les trois ans à venir;*

*invite le Gouvernement*

*- à veiller à ce que le choix de subventionnement des différents projets de rénovation d'installations sportives soit arrêté de manière transparente,*

*- à dresser un tableau complet des entretiens et investissements subsidiables par le biais de la loi budgétaire, à figurer dans le rapport annuel du ministère compétent.*

*(s.) Marc Zanussi, Alex Bodry, Jeannot Krecké, Lydia Mutsch, Jos Scheuer.*

Da wollt ech nach e puer Wuert verléieren zu dem Avis vum Comité olympique. Wann den Här Bettel hei als Rapporteur, zwee Sätz oder zwee Wierder vum Avis vum Comité olympique zitéiert huet, dann hätt hien allerdéngs och kënnen e puer aner Saachen aus dem Avis vum Comité olympique zitéieren. Dat huet hien net gemaach. Dat huet dofir mäi Virriedner gemaach. Ech wëllt nach eng Kéier ganz kuerz doropper agoen, well am Schluss vun dem Avis eng Rei vu Virschléi sinn, déi eis schéngen net oninteressant ze sinn. De Comité olympique schreift, datt et sënnvoll wier, e Cahier de charges ze erstellen, e Cahier des charges type fir d'Opriichte vun deene sportlechen Infrastrukturen.

Ech schwätzen dovun, dass dee Cahier des charges zesumme mat enger Kommissioun soll festgeluegt ginn. Dat hätt eis ënner Ëmstänn dozou gefouert, dass mer bei der Diskussioun iwwert d'Sportsinfrastrukturen vum Lycée Péiteng, net déi Diskussiounen an déi Ausenanersetzunge mat de Sportsproffe kritt hätten, déi do stattfonnt hunn.

Wann et en institutionaliséierten Dialog an där heiter Fro géing ginn, dann denken ech, wär dat am Intérêt vun deenen zukünftege Sportsinfrastrukturen, am Sënn, dass déi Infrastrukturen, déi do konzipéiert ginn, och dem Bedierfnis vun deenen honnertprozenteg entspriechen, déi herno an deenen Infrastrukture musse schaffen.

Eng aner Iddi, déi am Avis nach vum Comité Olympique zitéiert ginn ass, ass déi, dass iergendswou festgehale sollt ginn - an do mengen ech schwätzen ech am Numm vun alleguerten deenen, déi eppes mat Sportsfederatiounen ze dinn hunn -, dass déi Halen an Infrastrukturen de Sportsfederatiounen gratis sollen zur Verfügung gestallt ginn, well déi Instrumenter jo mat öffentleche Gelder opgeriicht ginn, a jidderee weess, dass d'Federatiounen net am Geld schwammen. An der Praxis ass et zwar zu engem Deel esou, mee et wär net schlecht, wann iergendswou eng Kéier och dat dote géing festgehale ginn.

Da mengen ech, dass mer als Fraktioun grondsätzlech mat dem Projet hei averstane kënne sinn. Mir wënschen eis natierlech, dass déi Motioun, déi mer hei déposéiert hunn, an déi soss näischt zum Zweck huet, wéi e Méi un Transparenz ze garantéieren, d'Zoustëmmung vun der Majoritéit fënnt. Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

**Mme Agny Durdu** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëllt ech dem Rapporteur, dem Xavier Bettel, merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, deen en an extrem kuerzer Zäit geschriwwen huet, grad esou wéi dem Claude Meisch fir säi Rapport virausser.

Dir hutt sengem Exposé no kënnen noverfollegen, dass dëse Projet de loi deponéiert ginn ass, an dat en elo ganz séier den Instanzewee iwwerstanen huet, an hei an d'Plénière kënnt. Et ass och näischt Erstaunleches, wann ech soen, dass och meng Fraktioun wäert dëse Projet de loi stëmmen.

Ech wollt nach eng Kéier ganz kuerz déi dräi Objektiver ëmräissen, déi mat dësem Rapport ugaange ginn. De Sport huet numol eng wichteg Plaz an eiser Gesellschaft, engersäits an eise Schoulen. Dem Schoulsport gëtt eng ganz grouss Wichtegkeet an Importenz zougemooss, esougutt vun den Enseignantë wéi vun de Kanner, de Schüler an den Elteren. Ech mengen, deem Wonsch musse mir och als Gemengeninstanzen nokommen, och wann ee vläicht selwer net esou sportlech ass - zu där Kategorie gehéieren ech nämlech -, mee et ass awer e Wonsch, deen een als Demokrat ze respektéieren huet an dann och déi néideg Ausféierunge muss maachen.

Och doriwwer eraus ass et wichteg, dass d'Gemengen hir Sportinfrastrukturen esou ausriichten, dass se net nëmme vum Schoulsport gebraucht kënne gi während de Schoulstonnen, mee och vun de Veräiner, fir d'Liewen an der Gemeng an dat vun hirer Populatioun ze beliewen. Ech mengen, dat sinn Ausgaben deenen d'Gemengen am Allgemenge gären nokommen, an et ass wichteg, dass se déi richteg Renseignementer am Ministère kréien.

Bis ewell, mat deenen Echoen, déi een esou kritt vun de Gemengen, muss ech soen, dass deen Echo, deen ee geméinlech am Ministère fënnt, an déi Demande de renseignements, déi een huet, kritt een ëmmer zur vollster Satisfaktioun beäntwert. Ech hoffen, dass déi Approche bei dësem Ministère wäert bleiwen, well bis ewell ass se ganz zefriddestellend.

Den zweeten Objektiv an dësem Gesetz war fir enger Kritik nozekommen, déi de Statsrot méi wéi eng Kéier soulevéiert hat, déi an der Realitéit awer Problemer gemaach huet, an zwar ze trennen tëschent den Infrastrukturen, deen neien Infrastrukturen an de Modernisatiounen.

Ech mengen et war gutt, datt d'Madame Brasseur de Courage hat, fir mat dësem Gesetzestext déi zwee Objektiver ze trennen, well et erlaabt eng offen Transparenz an de Konten, an net sou ee Va-et-vient tëschent dem engem an dem aneren. Ech mengen, et ass elo méiglech, fir Transparenz an de Konten ze schafen, an et wär och flott, wann dat esou gehandhaabt géif ginn.

Drëttens, déi Tabula rasa, déi dës Regierung gemaach huet, déi, menger Meenung no, gutt war, a wou ech mech kann erënneren, wéi mer dee leschte Plan quinquennal an der leschter Regierungskoalitioun gestëmmt hunn, wou et geheescht huet, mer stëmmen elo ee siwente Plan quinquennal, mee en Deel vun deene Suen, dee gëtt ewell gebraucht, fir all déi Retarden, déi mer am sechste Plan quinquennal haten, iwwerhaapt emol opzeschaffen. Mat dësem Rapport gëtt mat där Problematik strikt opgehalen, et gëtt Tabula rasa gemaach. Mer stëmmen hei esou vill Suen, datt mer engersäits déi Retarden, déi mer hate bei deene leschte Plans quinquennaux, opschaffen, plus datt déi Projeten, déi virgesi sinn, effektiv kënne finanziell gedroe ginn.

Voilà, dat sinn déi dräi Objektiver, ënnert deenen dëse Projet de loi deponéiert gouf. Ech mengen, en huet d'Ënnerstëtzung vum Comité olympique, wat jo déi gréisste Sportsspezialisten an eisem Land sinn, a vum Statsrot kritt. Wéi gesot, eis Fraktioun wäert dëse Projet de loi stëmmen.

Ech ginn och net op déi Diskussiounen an, déi den Här Zanussi wëllt féiere mat der Madame Brasseur iwwert de Cahier des charges. Ech mengen, si ass besser placéiert fir déi richteg Positioun ze bezéien.

Eent ass gewëss: No deenen Erklärungen, déi mer kruten an der Kommissioun zu dësem Plan quinquennal, sinn ech iwwerzeegt, datt, wéi datt dat bis dato war, de Ministère déi richteg Hand wäert hu fir et ze géréieren. Bis ewell och ouni Cahier des charges, fannen ech sinn d'Gemengen ëmmer ganz gutt vun dësem Ministère behandelt ginn.

A puncto Sportgesetz, Här Zanussi, also, wann ech elo mäi Courrier électronique richteg verfollegt hunn, stellen ech fest, datt am Fong geholl momentan bei deem Sportgesetz, wéi soll ech soen, de Ball net bei eis an der Chamberskommissioun läit, mee beim Statsrot. Ech kann Iech nëmme versécheren, soubal wéi den Avis vum Statsrot do ass, wäert dat Gesetz op de Leescht geholl ginn a wäerte mer et an der Kommissioun mat der Regierung zesummen analyséieren, an da musse mer gesinn, wou a wat fir eng Amendementer mer kënne maachen.

Voilà, dat wollt ech un Erklärungen heizou ginn. Ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun an invitéieren d'Chamber dëse Gesetzprojet ze stëmmen.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Madame Durdu. Den nächste Riedner ass den Här Colombera. Här Colombera, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean Colombera** *(ADR)*.- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt eise Merci un den Här Bettel fir seng mëndlech a schréftlech Contributioun zu dësem Gesetzprojet, dee sech mat der Finanzéierung vu sportlechen Infrastrukture beschäftegt. Dat gëtt eis och d'Geleeënheet, fir méi intensiv iwwert de Sport hei zu Lëtzebuerg ze schwätzen, en Thema, wat hei op der politescher Bühn ganz selten ugeschwat gëtt an nëmmen ongenügend Unerkennung fënnt.

Zum Projet selwer muss een zréckbehalen, datt dat heite schonn den aachte Fënnefjoresplang ass, a bei wäitem deen deiersten. Wann deen éischte Fënnefjoresplang 1968 160 Millioune Flux zur Verfügung gestallt huet, esou gouf dee leschten, dat heescht de siwenten, no der Adaptatioun, déi mer haut stëmmen, mat 2,2 Milliarden al Lëtzebuerger Frang dotéiert. Deen neien aachte Fënnefjoresplang, dee mer haut stëmme wäerten, hëlt mat 4,8 Millioune Frang schonn aussergewéinlech Rekordkonturen un, ëmsou méi well d'Renovéierungsaarbechten an d'Ënnerhalungskäschten vun de Gebaier, déi elo scho funktionell sinn, nach extra am Budget behandelt solle ginn, a mat dësem Gesetzprojet näischt ze dinn hunn.

Et gëtt also zolidd an d'Infrastrukturen investéiert. Méi wéi fofzeg Gemenge kréien eng substantiell Hëllef, fir sportlech Infrastrukturen opzebauen. Ech erlabe mer eng Fro: Wéi héich wäert den néngte Fënnefjoresplang sinn am Joer 2008: Éischtens, wa méi Leit am Land sinn, Stéchwuert 700.000 Awunnerstat; zweetens manner Terrain zu Verfügung steet, Stéchwuert héich Baupräisser, drëttens manner Wuesstem besteet? Fir de Moment op jidder Fall geet d'Rechnung nach op.

Wat ech ze bemängelen hunn, ass de Fait, datt näischt fir eeler Leit virgesi gouf, zum Beispill wat sportlech Aktivitéite vu Persounen an engem Altersheim betrëfft. Esou sinn ech virun e puer Méint vun der Bauteministesch, der Madame Hennicot-Schoepges zréckgepaff ginn, wéi ech proposéiert hunn, fir eng Piscine oder eng Keelebunn an dat neit Altersheim zu Wolz ze bauen. Dat géif ze deier kaschten! Et kéint ee sech awer virstellen, datt bei esou engem Fënnefjoresplang wéi deem heiten. een och déi eng oder aner sportlech Infrastruktur an den Altersheimer op jidde Fall bei allen Neibauten, mat finanzéiert kéint. Well, wann ee vu sportlechen Aktivitéite schwätzt, da wann ech glift fir jiddereen: fir déi Jonk, fir déi manner Jonk, an net ze vergiesse fir déi behënnert Leit, déi och frou wären, wa se hir eege Strukturen hätten, fir hir Perséinlechkeet ze entwéckelen.

Ze bemängelen ass och de Fait, datt net vill am Fënnefjoresplang ugebuede gëtt fir Touristen unzelackelen. Stéchwuert Skipiste zu Buerschent. Dat wär eng Occasioun, fir eng ganz Regioun fir sech ze profiléieren: fir d'Restaurateuren, fir d'Hôteliere, fir déi regional Bioprodukter ze förderen, fir Ökotourismus ze förderen. Eng Kombinatioun vu Sport a Kultur, verbonne mat enger ökobiologescher Komponent géif een Touristeboom mat sech féieren. Firwat net ee Subside fir Restaurateuren an Hôtelieren, fir e Wellness-Center an hire Strukturen opzemaachen? Dat wär Förderung vum Tourismus duerch de Sport.

An déiselwecht Richtung misst een, menger Meenung no, och an de Spideeler goen. Eng sportlech Infrastruktur mat engem Turnsall oder enger Piscine wär en Ausgläich, an déi krank Leit kéinte sech par rapport zu hirer Situatioun nei positionéieren. Also, et sinn am Beräich vun de bestehenden oder nach ze bauende Strukturen nach vill Méiglechkeeten op, fir am Beräich vum Sport ze investéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Phenomeen Sport gëtt ëmmer méi an déi falsch Richtung gefouert duerch de sougenannte Sportbusiness, wou een ëmmer méi d'Impressioun kritt, datt deen Éischten eleng zielt. Deen Zweeten an enger Compétitioun ass schnell vergiess, geschweige dass vun deem Drëtten oder vun deem Véierte geschwat gëtt, oder vun deene Leschten, déi unter ferner liefen opgezielt sinn. Esou Beispiller kenne mir der ganz vill. Beim Autosport ugefaangen, iwwert de Fussball bis hin zum Tennis.

Ze komplimentéiere sinn déi Leit, déi sech vun esou engem Sport distanzéieren. Obschonns de Phenomeen Sport vill finanziell Mëttele brauch, däerf d'Geld am Sënn vun der Sportsethik net dem Sport säin eegent Gesetz diktéieren. De Sport als Wuer unzegesinn, als Zil vun der Rentabilitéit, hëlt dem ursprünglechen Zil, nämlech Mens sana in corpore sano - ee gesonde Geescht an engem gesonde Kierper -, all Existenzdasein ewech.

Dat eigentlecht Zil vum Sport ass een anert. Sport ass en Instrument, dat fir d'Educatioun wichteg ass, dat een Accès an eng Aglidderung an d'Gesellschaft erméiglecht an e Mëttel zu individueller Entfalung duerstellt, verbonne mat dem Kenneléiere vun an dem Respekt géigeniwwer anere Leit. Also, de Sport ass e Ganzt. Déi Tugenden, déi de Phenomeen Sport huet am Beräich vun der Gesondheet, vun der Solidaritéit, vun der Educatioun, vun der Integratioun an d'Gesellschaft, an d'Schoul an op der Aarbechtsplaz, dës sozial Roll vum Sport ass duerch näischt ze ersetzen, a scho guer net duerch e perverse Drang, fir all Wäert an der Gesellschaft mat Geld wëllen ze moossen. Ëmmer méi Leit - an ëmsou méi erfreelech, ëmmer méi eeler Leit - entdecken de Sport als Quell vu Freed, Wuelfillen, vun Aus-sech-erausgoen an u seng Grenze goen an e méi positiivt Bild vu sech ze hunn.

An enger Zäit, wou vill Leit Schwieregkeeten hunn - haaptsächlech déi Jugendlech, speziell déi an d'Droge gefall sinn, oder riskéieren ze falen -, ass de Sport ee Schlëssel fir aus dëser Isolatioun erauszefannen an ass onbedingt ze förderen, sief et präventiv, sief et als Therapie. Et geet dorëms, fir desorientéiert Kanner a Jugendlech nei ze orientéieren an hinnen en neit Selbstbewosstsäin ze vermëttelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e puer Wierder iwwert de Sportsunterrecht. De Sportsunterrecht beméit sech, fir biologesch a physiologesch Akzenter am Domän vun der Motorik ze setzen. Alles wat mat Kierperlechkeet a mat der Fäegkeet fir sech ze bewegen zesummenhänkt, gekoppelt mat enger Repercussioun op psychologesch Integratiounsprozesser am Gehier a mat enger emotionaler Komponent am Séileliewen, dat alles féiert zur Entwécklung vun der Perséinlechkeet an ass ee vun den Haaptziler vum Sportsunterrecht.

Mir hu momentan ganz vill Kanner an de Schoulen, déi Schwieregkeeten hu fir ze léieren, fir ze artikuléieren, déi hyperaktiv sinn: Dyslexie, Dyscalculie, ADS-Syndrom. An dësem Beräich kann ee flächendeckend mam Phenomeen Sport eng Äntwert ginn.

Här President, ech wëll d'Chamber informéieren, datt ech d'Regierung interpelléiere wëll iwwert den Thema "biomedezinesch Aspekter am Schoulwiesen", wou ech dann in extenso déi biologesch a medezinesch Aspekter, déi sech am Kader vun der Schoul presentéieren, duerleeë wëll a versiche wëll eng Äntwert op d'Problemer, zesumme mat de verschiddene Parteien a mat der Madame Minister, ze fannen.

**Une voix**.- Très bien.

**M. Jean Colombera** *(ADR)*.- Här President, wann ee vu Sport schwätzt, da soll een och vum Bénévolat schwätzen, e soziaalt Engagement, e fräiwëllegen Asaz, deen op politescher Basis net genuch Unerkennung fënnt.

De Kolleeg Bodry huet a senger Interpellatioun genügend drop higewisen. Et kann ee finanziell Mëttele fir Infrastrukture fräi maachen, dat ass gudd esou, awer ouni de Mann oder d'Fra, déi Dier opspären, déi d'Dusche botzen, den Terrain méinen, déi fir d'Iessen an d'Drénke suergen, an nach aner Aktivitéite vum Sekretär bis zum Trainer, leeft am Sport guer näischt. Ouni politesch Ënnerstëtzung vun dëse Leit, riskéiert de Sport fréier oder spéider an d'Labränten ze kommen. Vun hei nach eng Kéier en Appel: Infrastrukture jo, awer de Bénévolat méi valoriséieren.

Här President, fir op de Projet vun haut zréckzekommen: D'Fraktioun vum ADR gëtt hir Zoustëmmung zu dësem Projet, wéilt awer der Mme Minister un d'Häerz leeën, fir nach méi transparent ze ginn. Wat d'Enveloppe financière ugeet, wëlle mir déi genee Chifferen duergeluegt kréie vum aachte Fënnefjoresplang, trotz verschiddenen Inconnuen an och vum siwente Fënnefjoresplang, dee praktesch schonn exekutéiert ass.

Wat sinn déi genau Critèren op déi sech baséiert gëtt, fir d'Enveloppe ze verdeelen? De Problem ass jo deen heiten, datt d'Gemengen net wëssen, wéini datt si hir Sue kréien. Ass et dëst Joer oder ass et nächst Joer? Do läit jo dee ganze Problem. Gëtt de Buergermeeschter vu Consdorf d'selwecht behandelt wéi d'Buergermeeschterin vu Wëntger, wann e Sportsterrain gebaut gëtt? Gëtt de Buergermeeschter vun Dikrech d'selwecht behandelt wéi d'-Buergermeeschterin vu Mondorf oder d'Buergermeeschterin vu Wëntger, wann eng Piscine gebaut gëtt?

***(Brouhaha général)***

An anere Wierder - fir datt jiddferee meng Fro versteet: Gëtt eng Gemeng, wou ee liberale Buergermeeschter un der Spëtzt ass, d'selwecht behandelt wéi eng Gemeng, wou kee liberale Buergermeeschter un der Spëtzt ass? Ass iwwerall am Land d'Chancëgläichheet - wann ech mech esou ausdrécke

kann - garantéiert? Kënne mir als Parlament eise Kapp a Rou leeën, datt kee Favoritismus bedriwwe gëtt? Als Partei si mir frou fir all Äntwert, déi mer kënne kréien.

Ech wéilt awer nach eng Motioun rappeléieren, déi mer de 5. Abrëll 2000 hei unanimement gestëmmt hunn, während der Interpellatioun vu mengem Kolleeg, dem Gast Gibéryen, wou mer gefrot haten, dass d'Regierung invitéiert sollt ginn, fir präzis Critèren auszeschaffen, an et esou de Gemengen ze erlaben, fir e Budget am Viraus ordentlech ze preparéieren. Bis elo ass dës Motioun nach net ëmgesat ginn.

Ech schléissen of. Mir ginn den Accord zu dësem Projet an der Hoffnung, datt d'Gemengen alleguerten d'selwecht behandelt ginn. Merci.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Très bien.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Garcia ageschriwwen. Här Garcia, Dir hutt d'Wuert.

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, same procedure every five years an da gi mir erëm mat der Strenz iwwert d'Land. Dës Kéier, amplaz touristesch Infrastrukture maache mir Sportinfrastrukturen no engem Plan sectoriel, deen ee kéint als e Plan sectoriel vun ënnen definéieren, well d'Demandë komme jo vun de Gemengen, an dobäi ass natierlech zimlech garantéiert, dass vun alle Bänken en eenhellege Soutien fir dëse Projet kënnt. Mir wäerte selbstverständlech dësem Projet eis Zoustëmmung ginn.

Déi Tatsaach, dass dee Plan sectoriel vun der Basis ass, huet natierlech de Virdeel, dass en de reelle Besoinen oder deene Besoinen zumindest, wéi d'Gemengen se definéieren, entsprécht. Dat huet deen Nodeel, dass ee kéint esou e Potenzial hunn iwwert d'Land vu mindestens 120 grousse Sportshalen oder 120 klenge Sportshalen a vun 120 Piscinen. Dat, wat de Ministère muss maachen ass natierlech e Kompromiss ze erreechen zwëschent der lokaler Demande, déi heiansdo vläicht kann op engem gewëssenen Territoire méi konzentréiert si wéi op engem aneren, an enger gewësser landesplanerescher Raison.

Et ass kloer, datt wann een a leschter Zäit schwätzt vu méi landesplanerescher Kompetenz, da misst et iwwert déi Prozeduren, déi de Ministère de Moment huet, fir gëwesse Projeten net ze subventionéieren oder anerer ze subventionéieren, awer esou eppes gi wéi e Plan sectoriel, ähnlech wéi am Schoulwiesen oder am Transport, well mir denken, datt besonnesch am Hibléck op d'demographesch Evolutioun vun eisem Land mir nach wäerten déi nächst 10, 20 Joer verstäerkt iwwer esou Infrastrukture schwätzen. Ech denken, datt e Plan sectoriel besser dozou gëeegent wär, fir e besseren Equiliber vun den eenzelne Regiounen a puncto Infrastrukturen ze erreechen.

Domatter kéint een zum Beispill superfétatoire Installatiounë verhënneren, genau wéi ee kéint verhënneren, dass eenzel Regiounen zimlech staark Defiziter a verschiddene spezielle Sparten opweisen. Ech huelen e Beispill eraus, an dat ass d'Beispill, wat ech eigentlech eréischt entdeckt hu wéi ech meng Interpellatioun iwwert den Tourismus gemaach hunn, nämlech dat vun engem mangelnden Ugebuet vu Schwemmen am Norden. Deemools, wéi ech do e bëssen enquêtéiert hat, hu verschidden Acteure vum lokalen Tourismus gesot, dass si besonnesch a Reeperiode Schwieregkeeten hätten d'Leit: d'Touristen an d'Touristinnen, op oppen, hallef zouen oder haaptsächlech natierlech op zoue Schwemmen ze orientéieren. Dee Moment ass schonn an de Raum gestallt ginn, datt missten an där Regioun eng oder zwou méi grouss Installatiounen, à la limite souguer en Erlebnisbad installéiert ginn. Déi Erlebnisbieder si jo natierlech net onkontestéiert, anerersäits ginn et haut Moyenen, fir déi maximal energieeffizient ze installéieren. Op alle Fall si se méi sënnvoll wéi aner Projeten, déi sécherlech näischt mat Biomotorik an ähnlechem Uleies ze dinn hunn.

Ech hu mer dann awer soe gelooss, datt net nëmmen an touristescher Hinsicht an där Regioun Defiziter bestinn, mä souguer am Beräich vum Schoulsport. Ech hu mer soe gelooss, datt a verschiddene Gemengen d'Kanner op Bitburg oder an Däitschland gefouert ginn, fir kënne schwammen ze goen. Dat entsprécht natierlech net immens deene Fuerderungen, déi all Mënsch hei erhieft, dass all Schüler a Schülerin datselwecht Recht huet op déi elementar Sportsaarten.

An der Kommissioun ass déi Fro haaptsächlech am Raum Ettelbréck opgeworf ginn. Do ass gesot ginn, dass eben am Moment nach zwëschent de Gemenge keng Eenegung zustane komm ass, an dass de Ministère ëmmer erëm beméit ass, fir do eng regional Léisung ze préconiséieren. Fir deem Uleies, wat jo sécherlech en unanimt Uleies hei an der Chamber ass, e bëssen Nodrock ze verleien, hunn ech eng kleng Motioun hei preparéiert, déi d'Regierung opfuerdert an de bescht méiglechsten Délaien, an natierlech a Kollaboratioun mat de Gemenge vum Norden, e regionaalt Konzept, fir Schwemmen am Norden ze élaboréieren a fir ze kucken, dass et esou schnell wéi méiglech zu der Realisatioun vun esou Infrastrukture kënnt.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la réalisation et le maintien d'un réseau dense d'infrastructures sportives à travers tout le pays permettent non seulement de rendre plus attrayantes les régions et communes, mais profitent dans une large mesure au bien-être de la population ainsi qu'à l'éducation sportive et les loisirs des enfants;*

*- considérant que, faute d'infrastructures suffisantes au niveau des piscines couvertes, les communes de la région du Nord ont des difficultés à garantir des cours de natation aux élèves des écoles primaires;*

*- considérant qu'il importe de garantir à tous les élèves du primaire une éducation sportive complète;*

*- considérant également le potentiel d'utilisation de telles infrastructures pour le développement touristique de la région du Nord;*

*- considérant qu'il importe d'éviter un trop grand éparpillement de telles infrastructures ne répondant pas à une évaluation raisonnable des besoins;*

*invite le Gouvernement*

*- à élaborer dans les meilleurs délais, en collaboration directe avec les communes du Nord du pays, un concept régional permettant de trouver une solution à la pénurie actuelle en matière d'infrastructures sportives au niveau de piscines;*

*- à donner une priorité à la réalisation de ces infrastructures.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Ech wëll dann zum Schluss - ech muss oppassen, net datt déi schonn eng Kéier gestëmmt gi war, mä ech mengen déi heite war nach net gestëmmt ginn - nach eng Kéier kuerz méi eng allgemeng Remarque maachen: Mir si jo hei zu Lëtzebuerg ëmmer schnell a generéis, wann et drëm geet ze bauen, vill Bëton ze verbrauchen, mee wann et ëm d'Inhalter geet, souwuel an de Beräicher vu Kultur a vun Tourismus, wéi an anere Beräicher, da si mer e bësse méi zéi.

Et ass ee gewësse Besoin, net nëmmen hei an der Chamber, mä an der Öffentlechkeet do, fir e bësse méi allgemeng emol iwwert d'Inhalter an d'Orientéierunge vum Sport ze diskutéieren. Um Niveau vun der Education physique et sportive, do si ganz vill Initiative vun de Sportsproffen komm, déi awer net alleguerte satisfaisant ageléist konnte ginn. Och um Niveau vum Leeschtungssport, do besti jo gewësse Malaise wéinst der Diskrepanz zwëschent dem Opwand an de Resultater. Um drëtten Niveau, dee vum Breedesport, wat net de Sport ass vun deene Breeden, mee de Sport vun der Allgemengheet, do schéngen allgemeng gëwesse Malaisen ze bestoen.

Ech wëll elo net weider dozou Ausféierunge maachen, well d'Geleeënheet bitt sech jo nach wann dat Gesetz iwwert de Sport, wou den Här Zanussi schonn nogefrot huet wou dat hänkt, hei an d'Debatt kënnt, anerersäits, mengen ech, huet den Här Zanussi selwer eng Interpellatioun iwwert de Sport gemaach, wann ech mech net ieren. Et bitt sech also nach genuch Geleeënheet, fir doriwwer ze diskutéieren.

Ech wëll awer trotzdeem, fir e bëssen d'Marschrichtung vun eiser Diskussioun ze skizzéieren, en Artikel zitéieren aus dem "Lëtzebuerger Land" vum Robert Decker, deen, menger Meenung no, ganz interessant Diskussionsustéiss gëtt. Nodeem hien de Comité olympique zimlech kritiséiert huet iwwer seng einseiteg Orientéierung zum Leeschtungssport, seet hie Folgendes, an dat passt vläicht e bëssen an eis Diskussioun eran: "Unsere Sportvereine und -verbände beschränken sich in der Regel auf eine einzige Sportart, die dazu nur in ihrer jeweiligen reglementierten und kodifizierten Wettkampfform angeboten wird. Ihr Hauptanliegen ist die erste Mannschaft, meistens nur die der Herren, manchmal auch zusätzlich die der Damen. Jugend- und Kinderabteilungen dienen in der Regel zur Heranbildung oder Züchtung von Nachwuchsspielerinnen und Athletinnen.

Hier werde, wie mir kürzlich stolz ein Vereinsdirigent anvertraute, keine Cachouète geduldet, wobei die Trainer und Vereinsleiter dafür Sorge tragen, daß die schwächlichen, ungeschickten, sportmotorisch nicht begabten Kinder und Jugendliche ausselektioniert werden."

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Ech wëll mech net mat deenen Aussoen identifizéieren, ech zitéieren se just als interessante Beitrag. Ech wëll lech dat net virenthalen: "Die anderen Vereinsmitglieder sind zahlungswillige trinkfreudige Supporteurs für die eigene sportliche Aktivitäten kaum oder doch nicht in ihrem Verein in Frage kommen. Für diese Sportvereine ist es nur normal und selbstverständlich, dass Gemeinden und Staat die erforderlichen, von Steuergeldern erbauten und unterhaltenen Sportstätten, gratis prioritär zur Verfügung stellen und dazu noch für den Unterhalt sorgen. Alle anderen, nicht an Sportaktivitäten in Wettkampfform interessierte oder geeignete Kinder, Jugendliche, Männer und Frauen aller Alterskategorien müssen Ihre Leibesübungen sonst wo suchen. Ihnen bleibt das Walking, lies schnelles Gehen und Wandern, das Jogging, lies laufen ohne zu schnaufen, das Schwimmen im langen Winter in den öffentlichen geheizten Schwimmbädern sowie im Sommer bei schönem Wetter im Stausee. Dazu kommen die allerdings kostenintensiven, wie Pilze aus dem Boden schiessende privaten Fitness-, Trimm- und Wellnessclubs und glücklicherweise die immer zahlreicheren sportlichen Angebote von Gemeindeverwaltungen. Dies nicht nur in den grösseren Städten und Ortschaften, sondern auch in Landgemeinden. Die steigende Nachfrage im Bereich des Gesundheitssports zeugt von einem reellen Bedürfnis von immer mehr Menschen nach angepassten, abwechslungsreichen körperlichen und sportlichen Aktivitäten."

Deem leschte Schlusssaz ass näischt méi bäizefügen. Ech freeë mech schon, datt mer niewent den Infrastrukturen an Zukunft kënnen iwwert d'Inhalter vun der Sportpolitik diskutéieren. Ech soen lech merci.

**Des voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

**M. Jos Scheuer** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech reie mech dann an an de Cortège vun deene sportleche Massendénger, déi hei virum Sport op de Knéie leien an deelweis virun der Mme Minister, dat obscho mir perséinlech all Schanken munchmal wéidoen, well ech Sport gemaach hunn, vläicht net gutt, awer ze vill an ze laang. Domadder wëll ech déi Euphorie vum Här Bettel e bëssen dämpfen, dee bal op eng devot Aart a Weis hei zelebréiert huet.

Ech schléisse mech dem Här Colombera un, deem sengem Discours an Exkurs iwwerhaapt näischt bäizefügen ass. E war philosophesch, e war medezinesch, en huet gesellschaftlech Aussoe gemaach.

Och den Här Garcia war wierklech explizit an huet Perspektiven opgemaach, déi ech mer vun him net erwaart hat. Ech soe just nëmmen e puer Remarken an ech stellen e puer Froen un d'Mme Minister.

Zur Enveloppe vum aachte Plan quinquennal, deen hei erméiglecht gëtt, ass Folgendes ze soen: Mir hoffen, datt déi Enveloppe vun 120 Milliounen, déi virgesinn ass, bis den 31. Dezember 2007 hält. D'Mme Durdu ass der Meenung, datt dat de Fall ass. Ech wollt d'Mme Ministerin froen, ob si och esou gudder Hoffnung ass, datt mer net an déiselwecht Situatioun kommen an där déi fréier Ministere waren?

Ech wollt dann ee Wuert soen zum Artikel 6, wou 55,5 Millioune virgesi sinn, fir déi Engagementer anzehalen, déi am siwente Plan quinquennal geholl gi sinn. Fait ass, datt effektiv vill Engagementer geholl gi sinn, datt vill Geld investéiert ginn ass bis elo an datt scho vill bezuelt ginn ass. Ech wollt wierklech félicitéieren a merci soe fir déi Lëschten, déi un dat Gesetz hei ugehaang gi sinn an dee Finanzplang, dee virgesinn ass. Ech wollt d'Mme Ministerin awer froen, wéi séier déi Subside kënnen débloquéiert ginn?

Hei geet et ëm vill Geld, wat deelweis, oder zum gréissten Deel schonn investéiert ginn ass a wou vill Gemengen drop waarden, datt dat, wat versprach ginn ass, dann awer och agehale gëtt. Wéi ass den Timing do dervun? Wéi séier kënnt Der dat ofwéckelen, besonnesch wann d'Gemenge jo awer och Plans quinquennaux mussen ofschléissen, fir den Timing vun hiren Dépensë virzegesinn. Den Exposé des motifs ass relativ évasif, fir et emol esou auszedrécken, a verschiddenen Aussoen. Ech zitéieren ee Saz: "Au stade actuel des choses, toute promesse serait fallacieuse." Ech weess net wien deen Term "fallacieux" gewielt huet, mee et ass en Term, deen zimlech staark ass. Wann een en elo au pied de la lettre hëlt, da kënnt een do Perspektiven ausmolen: eng Promesse fallacieuse wier e "betrügerescht" Verspriechen dat de Stat gemaach hätt oder maache kënnt. Abee, d'Mme Minister seet eis bestëmmt, wéi deen Timing ausgesi kann.

Wourëm geet et? Et geet ganz kloer ëm eng schnell Ofwécklung vu Promessen, déi virleien, vun Engagementer, déi entweder geholl gi sinn oder déi nach ze huele bleiwen. Et geet do ëm Engagementer, déi net nëmme bis den 31. Dezember 2002 fäerdeg sinn, mee déi deelweis schonn ofgeschloss sinn. Dat ass déi éischt Remarque.

Da maachen ech eng zweet Remarque zum Artikel 5 vum Gesetz. Mme Minister, am Laf vun de siwwenzeger Jore si ganz vill sportlech Infrastrukturen hei zu Lëtzebuerg gebaut ginn, Infrastrukturen, déi vum Stat, respektiv vun de Gemenge gebaut gi sinn: schoulesch Infrastrukturen, Halen a Piscinen, woubäi meng Virriedner jo op déi regelrecht Pénurie vu Piscinen higewisen hunn an allen Deeler vum Lëtzebuerger Land.

Déi Infrastrukturen, déi deemools gebaut gi sinn "selon les règles de l'art", wéi dat heescht, sinn haut um Enn. Dee gréissten Deel ass marot. Déi Infrastrukturen si vill benotzt ginn, si sinn ausgelaascht ginn, a si sinn iwwerbelaascht ginn, eleng doduerch datt am Laf vun den Zäiten d'Schoulklassen derbäi komm sinn.

Zweetens si vill vun deene Strukture net méi un d'Contraintë vum moderne Sportbetrib adaptéiert. Dat geet vum Buedembelag bis zur Salubritéit. D'Reglementatiounen - dat hu vill Virriedner gesot - vun de Sportverbänn si verschäerft ginn, se si verfeinert ginn an dat bedingt, datt déi bestehend Infrastrukturen ugepasst musse ginn. Renovéiere kascht Geld a renovéiere kascht munchmol méi Geld wéi en Neibau, awer meeschtens huet een net d'Alternativ, fir nei ze bauen, mee et muss ee rafistoléieren, verschiddenes ofrappen an dann nei bauen.

Den Exposé des motifs vum Gesetz huet scho Recht. Et gëtt do e Kapitel an deem nämlech Rieds geet vun der Pérennité de l'infrastructure sportive. Dat Kapitel ass en eenzegen a ganz gudde Katalog vun de Problemen, déi sech beim Entretien an der Renovatioun vun den eeleren an ale sportlechen Infrastrukture stellen. Et schéngt mir a menger Fraktioun onlogesch ze sinn, wann ee vu viraus virgesäit, fir Renovéierungsaarbechten manner ze subsidiéieren, wéi nei Constructiounen, wéi nei Installatiounen a fir net d'Méiglechkeet ze ginn, a festzeleeën a festzeschreiwen, datt een un déi Seuilen erugeet, déi nei Installatiounen eben erreeche kënnen.

Duerfir erlaben ech mer am Numm vun eiser Fraktioun eng Motioun virzeleeën, wou déi Seuile festgeluegt ginn op 35% bei der Renovatioun vu Projets locaux, op 50% fir Projets d'intérêt régional an op 70% fir déi Projeten, wou den Intérêt national dra vertrueden ass.

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le huitième programme quinquennal n'est plus grevé de fonds affectés à des travaux de modernisation de l'infrastructure sportive existante;*

*- considérant que l'article 5 du projet de loi 4978 prévoit que "la loi budgétaire fixe annuellement des dotations pour subventionner les travaux de maintien et de rénovation d'installations sportives en place";*

*- considérant que de nombreuses installations existantes présentent des dégradations constructives, des défauts fonctionnels nécessitant des mises en conformité indispensable dans l'intérêt de l'hygiène, de la sécurité ou de l'adaptation des infrastructures à ces réglementations et normes internationales;*

*- considérant l'envergure des investissements à charge de nombreuses communes concernées;*

*invite le Gouvernement*

*- à prévoir pour les travaux de rénovation et de maintien des taux de subsidiation identiques à ceux prévus pour les investissements éligibles dans le cadre du 8e programme quinquennal à savoir 35 % pour les projets locaux, 50 % pour les projets d'intérêt régional et 70 % pour les projets à intérêt national.*

*(s.) Jos Scheuer, Alex Bodry, Jeannot Krecké, Lydia Mutsch, Marc Zanussi.*

Da wëll ech nach zwou Remarke maachen, dovun eng ganz kuerz. Mme Minister, d'Education nationale brauch Sportshalen a Piscinë vun de Gemengen. An déi Sportshale geet eng ganz Serie vu Schoulklassen an et ass kloer, datt de Schoulbetrib vun de Lycéeën net kënnt oprecht erhale ginn, wann net d'Gemenge géifen hir Installatiounen zur Verfügung stellen. Wéi gëtt elo déi Locatioun ofgewéckelt tëschent de Gemengen an tëschent dem Stat? An deene meeschte Gemengen leeft dat iwwert d'Taxëreglement vun de Gemengen. Et handelt sech einfach ëm eng Schätzung an de Stat liquidéiert dann, munchmol mat Verspéidung, munchmol nodeem et schonn um Restantenétat steet, seng Schold. D'Prozedur, wéi dat ofgewéckelt gëtt, ass net méi modern.

Mme Minister, mir froen, ob een net soll an déi Richtung goen, déi scho vun anere Gemenge gewise ginn ass, mat Ärem Accord, selbstverständlech, nämlech fir en anere Schema ze entwéckelen am Fall, wou Gemengeninfrastrukturen dem Stat zur Verfügung gestallt ginn, fir eng Konventioun auszeschaffen, wou zum Beispill e Begréff wéi den Amortissement vun deenen Infrastrukture mat verrechent gëtt. Dat ass iwregens en Term, deen taucht ganz oft am Exposé des motifs op, ouni datt een elo awer konkret eppes domat ufänke kann.

Wat ass den Amortissement vun enger Sportshal vun enger Gemeng, wou d'Gemeng selwer den Term "amortissement" emol an hirem Budget net kennt? Dat ass ni gefrot gi bis elo. Duerfir eng Fro: Wéi kënne mir eis uleeën, fir datt équitablement do en Accord getraff gëtt tëschent Gemeng a Stat, wann de Stat Locataire vun den Infrastrukture gëtt an deelweis Personal gebraucht, wat zur Verfügung gestallt

gëtt vun de Gemengen? Dat ass déi drëtt Fro, déi ech stellen.

Bei menger véierter Fro hänken ech mech un dat un, wat den Här Haupert gesot huet a wollt dat ausbauen. Et geet dorëm, datt déi schoulesch Infrastrukture mussen opgemaach gi fir d'Allgemengheet, fir datt se net eidel stinn an engem Moment, wou déi aner Infrastrukturen hoffnungslos iwwerlaascht sinn. Och do misst ee Konventiounen ausschaffen.

Ech verstinn, dass verschidde Lycéeën hir Infrastrukture schütze vis-à-vis vun enger ze vill larger Benotzung duerch Kompetitiounssportsaarten, mä op der anerer Säit ass awer de Besoin esou grouss an et gëtt eng Pénurie, dass et net ze vertrieden ass, wann déi Infrastrukturen eidel stinn, net vun de Veräiner genotzt kënne ginn aus Ursaachen, déi munchmol vun eenzelne Leit ofhänken: vum Portier, vum Direkter oder vum Surveillant tout court.

Hei muss eng Initiativ geholl ginn. Et muss ee sech zesummesetzen. Et wär vläicht um Niveau vum SYVICOL fir eng Léisung ze proposéieren, mee ech wär frou, wann d'Mme Minister hei eis géif entgéint kommen an eng Äntwert géif ginn op déi Fro oder eng d'Suggestioun géif maachen. Ech soen lech villmools merci.

**M. le Président**.- Als leschten Diskussiounsriedner huet den Här Aly Jaerling d'Wuert gefrot. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Haupert huet hei richtegerweis uklénge gelooss, dass een all Sportaarte soll förderen. Hie weess jo am beschte vu wat, dass e schwätzt, an ech als ferventë Sportfanatiker kann deem awer nëmme voll zoustëmmen.

Duerfir muss ech mat Bedauere feststellen, dass och an dësem Fënnefjoresplang dës Regierung keng Plaz a keng finanziell Moyenë fonnt huet, fir emol eng Kéier en nationale Keelesportcenter mat an dee Plang eranzebréngen.

***(Brouhaha général)***

Ech wëll awer dozou bemierken, dass deemools, wéi um Kierchbierg de Keelesportcenter verworf ginn ass aus finanziellen Ursaachen, en Accord mam Ministère des Sports getraff ginn ass, wou d'Keelesportler konnten op der Kockelscheier mat Ënnerstëtzung vum Ministère hire Sport bedreiwen, mee dass awer elo deen Zenter bedauerlecherweis net méi duergeet, an net méi deenen internationale Bedingungen entsprécht. En entsprécht souguer net méi de Kommodobedingungen, wann do eng Weltmeeschterschaft zum Beispill géif stattfannen an do iwwer 500 Leit wieren.

Ech wëll hei emol eng Kéier bemierken, dass de Keelesport deen erfollegräichste Sport ass, dee mir an deene leschten 20 Joer haten, wann net iwwerhaapt. Niewent dem Fëschen, Här Graas, selbstverständlech!

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Mir haten awer am Keelesport zweemol de Weltmeeschter par équipe an zweemol de Weltmeeschter am Individuel an deene leschten zéng Joer. Ech wëll nach bemierken, dass et en typesch Lëtzebuerger Sport ass, an trotzdeem awer e Sport ass, dee ganz vill zur Integratioun bäidréit, an dass eng ganz Rei vun eise portugisesche Kolleegen dee Sport opgegraff hunn, an dass elo souguer a Portugal si um Wee sinn, fir sech international ganz positiv ze entwéckelen. Dat heescht, dass dee Sport en Integratiounsträger ass.

Ech wëll bemierken, dass an deem Sport ganz vill Jugendaarbecht gemaach gëtt. Et si ganz vill Jugendlecher un deem Sport interesséiert. Et gëtt doduerch eng Rei Jugendlecher vun der Strooss geholl.

**M. Jos Scheuer** *(LSAP)*.- Si ginn an d'Wiertschaft.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Et deet mer Leed, do sidd Der schlecht informéiert. Elo wëll ech dat och emol kloerstellen: Am Keelesport gëtt bei internationale Kompetitioune a bei anere Kompetitioune weder gefëmmt nach gedronk. Dat ass verbueden. Et gi souguer grad esou Virschrëfte wéi an aner Sportaarten, dass se mussen hir Uniform undoen, dass se mussen ugedoe si wéi bei all aner Sportaart. Do sidd der leider falsch informéiert. Dir dierft net den Hobbykeelesport mam richtege Keelesport verwiesselen.

Bon, dat gesot, wëll ech nach dozou bemierken, dass zum Keelesport de Bowling gehéiert. De Bowling, deen et elo dës Kéier zwar nach net gepackt huet, fir déi olympesch Kriterien ze erfëllen, mee deen deemnächst wäert olympesch sinn. Op der Basis vum Bowling hu mer awer keng Infrastrukturen. Wou mir awer elo wëssen, dass de Bowling d'nächst Joer olympesch wäert ginn, misste mir eis dorop preparéieren, fir déi néideg Viraussetzungen fir de Bowling ze schafen, fir dass de Bowling hei am Land ka seriö bedriwwe ginn.

An deem Zesummenhang, Här President, géif ech mir erlaben am Numm vun alle Keelesportler eng Motioun ze deponéieren, déi d'Regierung opfuerdert an der nächster Zäit drun ze denken, fir en nationale Keelesportzenter hei am Land ze bauen. Ech soen lech merci.

***Motion 4***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant le projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un huitième programme quinquennal d'équipement sportif et modifiant l'article 1er de la loi du 24 décembre 1997 concernant le septième programme quinquennal d'équipement sportif;*

*- constatant qu'il n'existe point de centre national pour joueurs de quilles traditionnelles et de bowling;*

*- considérant que tous les actifs de ces sports dépendent d'infrastructures privées en nombre suffisant;*

*- considérant que le programme directeur d'équipements sportifs ne comporte pas un projet de construction d'une telle infrastructure;*

*invite le Gouvernement*

*- d'intégrer dans le programme directeur d'équipements sportifs un centre national pour joueurs de quilles traditionnelles et de bowling.*

*(s.) Aly Jaerling, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Robert Mehlen.*

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo d'Sportsministesch, d'Mme Anne Brasseur.

**Mme Anne Brasseur**, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een iwwer Sportinfrastrukture schwätzt, kann een zwou Approchen hunn. Et kann een d'Approche hunn, dass ee seet: D'Glas ass hallef eidel oder et kann ee soen, d'Glas ass hallef voll. Et kann een dat mat Waasser maachen, et muss een net un aner Gedrénks dobäi denken.

Ech hunn esou d'Impressioun, wann ee verschidde Riedner nogelauschtert huet, dass déi nëmmen iwwert dat geschwat hunn, wat nach hei an do géing feelen an duerch wat d'Infrastruktur nach onbedéngt misst ergänzt ginn. Ech wëll all deene merci soen, déi en allgemenge Beitrag geleescht hunn zu der Diskussioun. Ech wëll besonnesch deene merci soen, déi engagéiert sinn als President vun enger Sportsfederatioun oder an enger Sportsfederatioun aktiv engagéiert sinn, ouni hei fir hir Sportsfederatioun geschwat ze hunn, wéi beispillsweis d'Mme Nagel, déi engagéiert ass an der Tennisfederatioun, den Här Zanussi an der Gymnastikfederatioun, de fréiere President vun der Basketsfederatioun oder de President vun der Liichtathtletikfederatioun, den Här Bodry, fir nëmmen déi ze nennen. All déi hunn net pro domo geschwat, mee allgemeng iwwert de Sport. Ech mengen hei geet et ëm den allgemengen Équipement sportif.

Ech wëll soen, dass mir eis hei am Kader vun engem Gesetz bewegen, wou et net drëm geet, Infrastrukturen ze schafen am Kader vu Spideeler, vun Altersheemer oder vu Schoulen. Hei geet et ëm de Plan quinquennal d'équipement sportif, wou de Stat Equipementer subventionéiert, déi vun a mat de Gemengen zesumme gebaut ginn.

Ech wollt emol, Här President, opzielen, wat mir vu Sportséquipementer hei am Land hunn. Duerfir hunn ech och gemengt, dass, jee nodeem, d'Glas hallef eidel oder hallef voll ass. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg 48 grouss Turnhalen. Mir hu 67 kleng Sportshalen, wou all Sportsaarte kënnen dran ausgeübt ginn, außer den Handball. An dann hu mir nach 152 Turnsäll. Dat maachen 267 Hale fir allgemenge Sport hei zu Lëtzebuerg. Dann hu mir zwou gedeckte Piscinë mat engem 50 m Bassin a 25 gedeckte Piscinë mat engem 25 m Bassin.

Wann een hei vu regelrechter Pénurie schwätzt, dann ass dat awer en Term, deen ze relativéieren ass. Des Weideren hu mir nach 21 Lernschwimmbecken a 14 Piscinen am Fräien, wat 60 Piscinen hei zu Lëtzebuerg ausmécht. Dann hu mir: 17 Tennishalen, 72 Tennisinstallatiounen am Fräien, 188 Fussballfelder, 13 Stades multisport, 50 Plaines multisport, 4 Terrains d'aviation sportive, 2 Circuite fir de motorisiérte Sport, 3 Patinoiren, 3 Bases nautiques, 2 Plans d'eau, 10 Schéissstänn an 2 Boulodromen, déi gedeckt sinn. Wann een all déi Infrastrukture gesäit, da gesäit een, dass duerch déi sukzessiv siwe Fënnefjorespläng munches geschafft ginn ass, an dass de Stat senger Aufgab nokomm ass, fir déi eng oder déi aner Lacune ze combléieren.

Et ass awer esou, dass mir nach Viden dorëmmer hunn: Vidë geographescher Aart oder Viden, wat déi eng oder aner Sportsaart ubelaangt. Et gëtt gefrot vun deenen engen et soll een ëmmer méi Infrastrukturen nach zur Verfügung stellen. Et sinn aner Leit, déi ginn en anere Wee, déi kritiséieren dat a fannen et géing vill ze vill fir de Sport gemaach ginn. Där Meenung sinn ech net, mee innerhalb vum Sportsmouvement ginn et Stëmmen, déi soen: Maacht manner Infrastrukturen, well dat kascht ze vill Geld, an huelt déi Suen, fir méi an de Spëtzesport ze stiechen. Ech muss lech soen: Déi Meenung deelen ech net, well mir kënnen nëmmen eppes fir de Sport insgesamt maachen, wa mir vun der Breet ausginn an esou de Spëtzesport förderen.

Selbstverständlech, wann ee vun där ganzer Infrastruktur schwätzt, muss se eng optimal Notzung hunn. Déi éischt Notzung, egal wie Propriétaire vun deenen Infrastrukturen ass, ob dat d'Gemenge sinn oder de Stat, muss de Schoulsport sinn, well am Schoulsport gëtt de Grond geluegt, fir Freed un der Bewegung ze kréien. De Schoulsport kann net alles bewierken, mee muss selbstverständlech ganz villes bewierken. De Schoulsport huet absolut Prioritéit.

De Breedesport muss och Prioritéit hunn. Vill hunn en Artikel zitéiert aus dem "Lëtzebuerger Land", dass d'Leit keen Accès hunn iwwert d'Sportsveräiner. Dat ass ganz kloer. E Sportsveräin huet net als Finalitéit de Breedesport fir erwuesse Leit ze propagéieren. D'Stad Lëtzebuerg huet mat aneren Initiative Pionéieraarbecht geleescht am Kader vu "Sport pour tous". An der Stad Lëtzebuerg participéieren iwwer 5.000 Leit un engem Fräizäitsportprogramm, Aner Gemengen hunn dat elo lues a lues och gemaach. Dat ass formidabel an dat gëtt ganz gutt besicht. Och duerfir sinn dës Infrastrukturen do. Dat sinn der a kommunale Schoulen. Et sinn der awer och a staatleche Schoulen, déi dofir genotzt ginn.

Éischtens Schoulsport, zweetens Breedesport, drëttens Kompetitiounssport. De Kompetitiounssport spillt sech selbstverständlech zum gréissten Deel an Halen of, déi ee muss mat aneren deelen. Mir hunn awer Kompetitiounssport, dee sech a méi spezifeschen Infrastrukturen ofspille muss, wou et méi schwiereg ass, fir déi mat aneren ze deelen.

An da gëtt et de Spëtzesport. De Spëtzesport kann awer nëmmen erauswuessen, wa mir am Schoulsport ufänken. Duerfir ass déi Diskussioun, déi gefouert gëtt, wou de Breedesport oder de Schoulsport géint de Kompetitiounssport oder de Spëtzesport ausgespillt gëtt, menger Meenung no eng falsch Diskussioun. Et muss ee vun ënnen erop opbauen. An da muss ee fir de Spëtzesport déi néideg Infrastrukturen a Supporten hunn, well et wier net richteg, wa mir just e puer Virzeigeathleten hätten a mir hätte fir de Rescht eng Populatioun, déi sech net géing bewegen.

Eng allgemeng Remarque, déi ech wëll maachen, Här President, ir ech op déi méi spezifesch Froen aginn, dat sinn déi Normen, déi eis imposéiert gi vun internationale Federatiounen. Ech hunn dat an enger Diskussioun schonn eng Kéier ugeschnidde mat menge Kolleege Ministeren um europäesche Plang. Ech fannen et net richteg, dass international Verbänn higinn an Normen imposéieren an dann den nationale Verbänn soen, dat misst elo esou ëmgesat ginn. Mir haten d'Diskussioun - den Här Zanussi huet et elo nach eng Kéier opgeworf - an der Kommissioun, wat de Fussball ubelaangt.

D'UEFA huet Normen éditéiert an huet gesot, déi verschidden national Verbänn misste sech dorun halen, wat d'Nationaldivisioune géing ubelaangen. Or, do misst all Stadion 3.500 Sëtzplaze hunn an et misst eng gewëss Unzuel vu Lux, 500 Lux, wat d'Beliichtung ubelaangt, do sinn. 3.500 Sëtzplazen! Fir déi, déi net op de Fussball ginn, kuckt nëmmen Zeitung an da gesidd Der, dass op engem Match sonndes an der Nationaldivisioun tëschent 113 a 718 Spectateure sinn. Wann et héich kënnt, bei Spëtzematcher, bis zu 2.000. Ech gesi wierklech net an, wat mir mat Stadione maache mat 3.500 Sëtzplazen.

Mir hunn ee Stadion, dat ass dee vun der Stad Lëtzebuerg, dee Gott sei Dank seinerzeit géint de Wëlle vum Stat renovéiert ginn ass - an deen net als nationale Projet zréckbehale ginn ass, mee d'Stad Lëtzebuerg krut fir déi Renovatioun just 10% an net 70% -, deen d'Bedingungen erfëllt. Mir hunn en anere Stadion, deen elo um neiste Stand ass, mee do ginn d'Plaze schonn net méi duer, dat ass deen zu Hesper. All déi aner Stadien erfëllen d'Bedingungen net.

Ech soen duerfir hei op dëser Tribün ganz kloer: Mir kënnen net do mathalen. Et geet net, dass mir op d'Käschte vum Steierzueler soen: Mir mussen déi Normen erfëllen, fir dass all Veräin an der Nationaldivisioun ka mathalen. Den Här Zanussi huet gemengt, et wier just e finanziellen Opwand. Et ass net nëmmen e finanziellen Opwand, et gëtt och Terrainen, wou et iwwerhaapt net machbar ass, well dat kleng lokal Terraine sinn, wou emol d'Gréisst net do ass, fir Gradinen opzeriichten. Loosse mir dach räsonnabel sinn!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Ech wëll dat gleewen, wat Dir sot, mee dat ass awer eng reel Bedroung. A wann een e Veräin huet, dee gutt implantéiert ass, da wëllt een deem jo awer net zoumudden, dass en doduerch an enger ënneschter Divisioun muss spillen.

**Mme Anne Brasseur**, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Mengen Informatiounen no géif et da just nach e Club, deen an der Nationaldivisioun spille kéint, an dat wier d'Spora, mee déi erfëllt déi sportlech Critèren net, well déi net an der Nationaldivisioun ass.

Domat wëll ech ënnersträichen, dass dat do vläicht dekretéiert gëtt iergendswou, mee dass een dat awer net muss à la base suivéieren. Ech ka mir net virstellen, dass an anere klenge Staten dat do esou ka suivéiert ginn, well de Fussball do jo op ganz anere Basë steet, wéi a grousse Länner…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

...wou formidabel professionell Equipë sinn, wou onwahrscheinlech Suen am Spill sinn. Hei sinn och Suen am Spill, mee hei sinn et dem Steierzueler seng Suen an et sinn net Privatsuen, well am Ausland gehéieren déi Stadien zu engem ganz groussen Deel Privatleit. Do gëtt Commerce mam Sport gemaach. Hei zu Lëtzebuerg mécht kee Commerce mam Sport, well ech gleewen net, dass een domat Geld verdéngt, außer verschidde Sportler, déi bezuelt ginn. An och do kann ee sech d'Fro stellen, ob déi Politik ëmmer déi richteg ass, mee do ass et net u mir, fir mech anzemëschen, mee ech kann awer eng privat Meenung dozou hunn.

Ze soen, dass een da riskéiert d'Lizenz vun der Nationaldivisioun entzunn ze kréie vun der Fussballfederatioun. Wann ech dat da viru spannen, da soen ech: Ma jo, dann huet d'Fussballfederatioun selwer am Fong keng Daseinsberechtegung, well mir dann net méi international kënne mat spillen. Dann ze mengen, dass ee mat enger Task force, déi een op d'Bee setzt, kënnt e professionelle Club hei zu Lëtzebuerg kréien! Mir sollen do awer mat zwee Féiss um Buedem bleiwen.

Wann déi Démarche, fir all déi Steiergelder, déi mir do missten investéieren, nach géing dozou féieren, dass mar géing um ieweschten Niveau besser Fussball gespillt ginn, da wier dat nach eventuell ze justifiéieren. Ech muss lech awer soen, dass ech dorun Zweifel hunn. Duerfir soen ech, dass mir do musse mat zwee Féiss um Buedem bleiwen, an datt d'Fussballfederatioun eng Ausnahm gefrot huet bei der UEFA. Si huet gesot, dass mir eng Rei Exceptioune kréischen, esou dass sechs bis zéng Stadione bis d'Saison 2004-2005 conforme wieren.

Doru gleewen ech einfach net, souguer wann d'Gemenge bereet wieren, enorm vill Geld doran ze investéieren, souguer wann de Stat géing soen: "Mir begleeden dat." Ech muss lech soen - dat ass awer eng Recommandatioun, déi ech net der Chamber respektiv der Regierung géing maachen, fir op dee Wee mat ze goen - et ass net realistesch ze soen, 2004 hätte mir sechs Stadien, déi deenen dote Critèrë géingen entspriechen.

Dat si vläicht Wonschgedanken, mee dat entsprécht einfach der Realitéit net. Ech wäert deemnächst och Gespréicher mat der Fussballfédératioun doriwwer féieren, Gespréicher, wou ech mir gewënscht hätt, datt se hätte scho kënne stattfannen, mee déi Gespréicher hunn, op Wonsch vun der Fussballfédératioun, bis elo nach net stattfonnt, well si verschidde Saachen nach am Virfeld wollte klären.

Ech wollt hei op der Tribün däitlech sinn an iwwert de Kader vum Projet vum Fënnefjoresplang erausgoe, well mir sinn hei am Kader vum Investissement vu Sportsinfrastrukturen. Mir musse kucken, datt mir d'Steiersuen uerdentlech uwenden, an datt mir net probéieren an enger Kategorie mat ze spillen, déi eis eng Kategorie ze grouss ass. Dat muss een unerkennen a Léisunge fannen, déi eis op d'Mooss zougeschneidert sinn an déi eise sportlechen Aspiratioune gerecht ginn.

Ech wollt nach soen, datt mir aner Verbänn hunn, déi dann heiansdo nei Normen erausginn, wat d'Héicht ubelaangt vun den Halen oder d'Breet vun den Halen, an datt den Auslaf muss méi grouss sinn. Do fannen ech, datt déi politesch Responsabel awer musse mat den internationale Verbänn schwätzen, well et kann net sinn, datt de Steierzueler all Kéiers, wann d'Norme gehéicht ginn, zur Keess gebiede gëtt, fir Schrëtt ze halen. Dat zu den allgemenge Remarken, déi ech dozou wollt maachen.

Elo kommen ech zu den Intervenanten. Ech géing dem Rapporteur wëlle merci soe fir seng grouss Begeeschterung. Da wollt ech dem Här Haupert merci soe fir seng allgemeng Iwwerleeungen. Den Här Haupert, dee jo wierklech deen ass vun eis, mengen ech, deen am beschte placéiert ass, fir en allgemengen Iwwerbléck iwwert d'Sportsentwécklung ze ginn.

Den Här Zanussi huet d'Fro gestallt vum Sportsgesetz. Jo, d'Regierung huet Amendementen un de Conseil d'Etat nach geschéckt a mir waarden op den Avis vum Conseil d'Etat. Dann huet den Här Zanussi gesot, et misst ee méi Transparenz walte loosse bei der Attributioun vu Suen, wat d'Renovatioun ubelaangt an do genee Critèren applizéieren. Déi Motioun geet jo dorëms.

Här President, ech gesinn et si verschidde Leit, déi mech schlecht héieren. Ech weess net, ob dat un der Akustik hänkt, ob d'Mikroen net ginn oder ob d'Niewegeräicher ze héich sinn. Ech kann lech et net soen, mee da wëll ech nach eng Kéier widderhuelen, wat ech gesot hunn.

Den Här Zanussi huet gefrot, wéi et mat geneeë Critèren ass, wéi mir wéini wellech Suen attribuéieren. Hie freet do no Critèrë vun Transparenz. Wann ee genee Critèren am Virfeld festleet, besonnesch bei Projeten, wou gréisser Renovatiounen sinn, da wier zum Bei-

spill d'Gemeng Esch schlecht dobäi ewechkomm, well déi hat elo eng gréisser Renovatioun, an dat ass e Projet, deen dee viregte Schäfferot anescht gesinn huet. Dee jëtzege Schäfferot huet dunn eng Modifikatioun virgeholl an dee Projet ass méi deier ginn. Dat ass awer geschitt am Accord mam Sportsministère, sou datt mir dat elo après coup nach eng Kéier subventionéieren. Wa mir d'Critèren au départ fixéiert hätten, da wier dat au détriment vun der Gemeng Esch gewiescht, wat ech schued fonnt hätt, well et ass e flotte Projet.

Da wollt ech nach soen, datt wat d'Motioun ubelaangt iwwert déi Pourcentagen, déi mir bei Renovatioune solle ginn, datt dat déiselwecht solle si wéi bei Neibauten. Do sinn ech der Meenung, datt mir déi Motioun net kënnen unhuelen, well d'Gemenge sinn dru gehalen hir Installatioun en bon père oder mère de famille ze géréieren. Bei der Renovatioun kann een net bis zu esou héije Subsidiatioune goen, sou datt ech mengen, datt een déi Motioun misst oflehnen.

Dann ass hei geschwat gi vun engem Cahier des charges type, deen ee soll fir Sportsinfrastrukturen ausschaffen. Mir hunn dat gemaach bei dem Schoulsport.

***(Interruption)***

Elo seet den Här Zanussi, dat wier e Virschlag vum Comité olympique gewiescht. Dat ass richteg, mee mir hu probéiert am Sportsministère zesumme mat der Schoul, fir d'Schoulinfrastrukturen op deem Punkt ze développéieren.

Et gëtt da gesot, dat soll honnert Prozent de Bedierfnisser vun de Benotzer entspriechen. Jo, wann een esou ee Cahier des charges opstellt, da gëtt et natierlech eppes, wat nach méi grouss, nach méi héich, nach méi breet an nach méi deier gëtt. Or, do muss ee jo awer als responsabele Politiker seng Verantwortung huelen a soen: Wat wënschenswäert ass kann een ëmmer zur Kenntnis huelen, mee et muss een da seng Responsabilitéit huele fir dat, wat machbar ass. Duerfir e Cahier des charges hu mir am Fong schonn, wat eng Hal ubelaangt, wat eng Piscine ubelaangt. Do brauch kee weidere Cahier type nach ausgeschafft ze ginn. Dann hänkt et selbstverständlech och vun de lokale Gegebenheeten of.

D'Mme Durdu huet verschidde Prezisioune ginn, och iwwer Diskussiounen, déi mir an der Kommissioun haten. Do gesäit ee wellech Approche ee vis-à-vis vun enger Sportsinfrastruktur kann hunn, wann een net esou sportbegeeschtert ass, esou wéi d'Madame Durdu dat net ass, mee awer d'Utilitéit vum Sport agesäit, a wat d'Madame Durdu dowéinst an hirer Gemeng Efforte mécht.

Dem Här Colombera erlaben ech mir ze soen, datt am Sport eppes enorm wichteg ass, an dat ass de Fair-play. Dat gëllt an alle Sparten, a besonnesch am Sport. Duerfir hunn ech déi Froen net gär, déi hien hei stellt, wou hien ënnerschwelleg ze verstoe gëtt, datt et vläicht net géing mat richtegen Dénger zougoen, an datt et keng Garantie géif, datt net deen ee méi favorabel behandelt géif gi wéi deen aneren.

Wann dat de Fall wier, da wier zum Beispill d'Gemeng Esch bei der Renovatioun vun hirer Schwemm net esou favorabel dobäi ewechkomm. Hei geet et net ëm Parteipolitik. Hei geet et ëm Sportsinfrastruktur, fir ze kucken, wat räsonnabel ass oder net. Dat huet näischt ze di mat deene politesche Responsabelen, mee dat huet mat de Projeten ze dinn. Duerfir sinn ech net frou, wann esou Froe gestallt ginn, déi ënnerschwëlleg ze verstoe ginn, datt dach awer hei kéinte Saache geschéien, déi net richteg sinn. Dat ass eppes, wat ech op jiddfer Fall wëll vu mir weisen.

Den Här Colombera huet gesot all Zort vun Notzunge misste gemaach gi fir de Sport an Altersheimer. Jo, an der Stad Lëtzebuerg ginn et am Kader vum "Sport pour tous" Sportsaktivitéite fir den drëtten Alter. Et gëtt Turnen, et gëtt Aktivitéiten um Stadion. Et gëtt Aquagym fir den drëtten Alter zu Bouneweg an der Piscine. Do ginn et Infrastrukturen an Organisatiounen. Et gëtt och aner Gemengen, déi dat beschtens maachen.

Wat den Tourismus ubelaangt, do wëll ech awer ganz kloer sinn. Den Här Colombera huet hei gefrot, et soll een d'Skipist vu Buerschent ënnerstëtzen. Ech hu vun der Skipist vu Buerschent op der Televisioun héiere schwätzen. De Promoteur dovun huet gesot, hien hätt d'Ënnerstëtzung vum Sportsministère. Ech kann Iech soen, datt hien déi Ënnerstëtzung net huet, an datt ech fir d'éischt vun där Skipist héieren hunn duerch d'Televisioun. Ech fannen, datt dat keng Infrastruktur ass, déi fir de Sport hei zu Lëtzebuerg eppes bréngt. Dat ass déi Informatioun, déi ech Iech dozou wollt ginn.

***(Brouhaha général)***

Wa gesot gëtt, et wier fir den Tourismus wichteg,...

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Ech géing Iech bieden nozelauschteren. D'Madame Minister huet hir Riedezäit schonn ëm zéng Minutten iwwerschratt.

***(Interruptions)***

Mir sinn net klengkaréiert. Dir hutt vill Froe gestallt an d'Madame Minister mécht sech d'Méi, fir Iechze äntweren. Ech fannen da soll een nolauschteren an net dauernd Zwiegespréicher féieren oder Zwëschebemierkunge maachen an domat d'Opmierksamkeet oflenken.

**Mme Anne Brasseur**, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Da wëll ech Iech soen, datt et zweifelhaft ass, ob dat dem Tourismus eppes bréngt. Gitt op Bottrop kucken, wou eng Skipist besteet. Dat ass eng Regioun mat 2 Milliioune Leit am Hannerland. Dat bréngt dem Investisseur, deen de Marc Girardelli ass, hoffentlech eppes, datt seng Rechnung opgeet. Ech mag awer drun zweifelen, datt dat esou favorabel ass fir d'Hôtellerie an der Géigend, well d'Hôtellerie an d'Restauratioun ass am Zentrum selwer an huet keng Retombée op Etablissementer, déi an der Uertschaft Bottrop sinn, souwäit meng Informatioune richteg sinn.

Den Här Garcia huet geschwat vun de Piscinen am Norden. En huet och dozou eng Motioun abruecht. Mir sinn amgaang ons ze concertéieren. Ech hat schonn e Gespréich mat Nordgemengen. Vu dass mer am Norden en zousätzlecht Gebai fir de Lycée technique brauchen - well de Lycée technique vun Ettelbréck bascht aus allen Néit -, wollte mer zu Ierpeldeng een neie Lycée baue mat enger Sportinfrastruktur, deen da vun all de betreffende Gemenge ka genotzt ginn, fir dass mer deen Eparpillement ebe just net kréien, deen eis zu Recht virgeworf géing ginn, wa mer dat net géinge maachen, esou dass ech géif soen, dass déi Motioun sans Objet wier, well mer amgaang sinn dodrun ze schaffen.

Dann huet de Här Scheuer nach gefrot wéinst dem Timing. Ech kréien iwwerall op de Gemenge gesot an derfir félicitéiert, dass d'Sue vum Sport vill méi séier kommen, wéi dat vun anere Ministèren ass, dat heescht net vill, mä déi Gemenge déi en cause sinn, déi hu sech awer ëmmer bedankt. Wat Lokatioun vum Stat bei de Gemenge ubelaangt, do musse mer kucken, dass mer Konventioune kréien, fir dass eng Gemeng behandelt gëtt wéi déi aner.

Da wollt ech nach zum Schluss op déi Motioun, Här President, vum Här Jaerling agoen, déi seet, dass mer musse an de Programme-directeur d'équipement sportif e Centre national pour joueurs de quilles traditionnelles et de bowling asetzen.

Ech muss Iech soen, datt et relativ einfach ass an esou enger Debatt eng Infrastruktur ze froen. Dat dépasséiert de Kader vum Plan quinquennal, well hei si mer doraus eraus. Hei ass jo eng national Infrastruktur gefrot. Ech wëll mech net dozou engagéieren. Et ass natierlech méi einfach ze froen, wéi neen ze soen, mä ech hunn de Courage à ce stade awer ze soen, dass mer déi Motioun net kënnen akzeptéieren, esou gär ech déi Leit hunn, déi deem Sport noginn.

Domat, Här President, hoffen ech, datt ech op all Froe geäntwert hunn. Ech ëntschellege mech, datt ech d'Zäit iwwerzunn hunn, mä ech mengen et wor awer wichteg, datt verschidde Mises au point gemaach goufen oder verschidde Standpunkter duergeluegt goufen, haaptsächlech wat international Normen ubelaangt, och beispillsweis wat esou Infrastrukturen ubelaangt, wéi déi zu Buerschent.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4978 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 7 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4978.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Théo Stendebach), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*S'est abstenu: M. Aly Jaerling.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

***Motions***

Mir kommen elo zu de Motiounen. D'Motioun 1 ass vum Här Zanussi abruecht ginn. Et ass jiddfereen am Bild ëm wat et geet.

Mir stëmme par main levée of.

***Vote***

Dee fir d'Motioun 1 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Et besteet keen Zweifel, Motioun 1 ass ofgelehnt.

Mir kommen zur Motioun 2, déi vum Här Garcia abruecht ginn ass. E Vote électronique ass gefrot.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 2 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass mat 16 Jo-Stëmmen, 32 Nee-Stëmmen an 9 Enthalungen ofgelehnt.

*Ont voté oui: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein et Georges Wohlfart*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*Se sont abstenus: M. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi.*

Mir kommen zu der Motioun 3, déi vum Här Jos Scheuer abruecht ginn ass. E Vote électronique ass gefrot.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 3 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalesech.

D'Motioun 3 ass mat 24 Jo-Stëmmen an 33 Nee-Stëmmen ofgelehnt.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké,Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*Se sont abstenus: MM. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

Mir kommen zu der Motioun 4, déi vum Här Aly Jaerling abruecht ginn ass. E Vote électronique ass gefrot.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 4 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 4 ass mat 21 Jo-Stëmmen, 33 Nee-Stëmmen an 12 Enthalungen ofgelehnt.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*Se sont abstenus: MM. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

Dir Dammen an Dir Häre, domat wäre mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 17.21 heures)***

**Chamber TV**

**an der Stad:** *um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 9 (Eltrona/Siemens)* **zu Esch:** *um Kanal S6 (140.25 MHz)*
**zu Déifferdeng:** *um Kanal S 29* **zu Diddeleng:** *um Kanal S 32* **an der Gemeng Nidderaanven:** *um Kanal S 29*

## Ordre du jour

**1.** Ordre du jour

**2.** Dépôt de deux propositions de révision de la Constitution

**3.** Question urgente 1852 relative aux activités terroristes sur notre territoire national

**4.** Motion de M. Jean Asselborn sur la situation en Irak *(Discussion générale - Motions - Votes)*

**5.** 4977 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

4908 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

*(Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Amendements - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motions et résolutions)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; MM. Fernand Boden et Luc Frieden, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.30 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber eppes matzedeelen?

***(Négation)***

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Den Här Henckes huet d'Wuert zum Ordre du jour.

### 1. Ordre du jour

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, mer hunn haut um Ordre du jour de Projet de loi iwwert de Logement. Mer hunn e Problem entdeckt: Doduerch datt de Projet de loi relativ kuerz an der Diskussioun war, hate mer net d'Méiglechkeet fir verschidde Remarquen ze gesinn an ze maachen. Mer géinge froen, fir de Punkt iwwert de Logement vum Ordre du jour ze huelen.

Zwee Grënn dofir: Éischtens den Artikel 30 bis, do schéngt e klengen Iertum entstanen ze si bei der Regierung, an zwar dass an deem Artikel virgesinn ass, datt e Betrib kann eng 40% Subside kréien, wann e Patron fir seng Employéen eng Wunneng baut.

**M. le Président**.- Här Henckes, Dir sollt eng Fro stellen zum Ordre du jour. Dat doten ass schonn een Detail vum Projet selwer. Haalt lech wann ech gelift un d'Reglement.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Jo, mä ech muss et hei explizéieren, Här President.

**M. le Président**.- Dann explizéiert et, Här Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, hei ginn d'Lëtzebuerger vun dem Projet de loi ausgeschloss. Wann also ee Betrib oder ee Patron wëllt eng Wunneng baue fir e Lëtzebuerger Employé, da geet dat net. Da kritt e kee Subside vum Stat. E kritt just ee Subside vum Stat, wann et sech ëm auslännesch Employéen handelt. Ech mengen net, Här President, datt dat de Wonsch ass vun der Regierung a vun dëser Chamber. Dat geet kloer aus dem Text ervir, an dofir menge mer, datt et gutt wier, dee Punkt vum Ordre du jour ze huelen an en nach eng Kéier an d'Kommissioun ze bréngen, fir deen Amendement anzebréngen, deen ons déi Ongerechtegkeet géing évitéieren.

Zweetens hu mir alleguerten de Rapport vun der Cour des Comptes iwwert de Fonds de Logement gelies. Etant donné, datt hei am Gesetz virgesinn ass, fir dem Fonds de Logement nach méi Pouvoiren ze ginn, wier et gutt, datt fir d'éischt d'Chamber och iwwert de Rapport vun der Cour des Comptes géing debattéieren, ier mer hei nees weider Schrëtt maachen. Dofir géife mir den Antrag stellen, fir dee Punkt vum Ordre du jour ze huelen a fir d'Diskussiounen an der Chamber weiderzefféieren.

**M. le Président**.- Wien ass d'accord mat der Propositioun vum Här Henckes, fir dee Punkt vum Ordre du jour, dee vun der Conférence des Présidents virgeschloen ginn ass, erofzehuelen?

De Vote électronique ass verlaangt.

Nach eng Kéier, datt mer d'Fro awer kloer stellen: Wien dofir ass, fir den Ordre du jour ze änneren am Sënn vum Här Henckes, dee stëmmt mat Jo, deen dergéint ass, stëmmt mat Neen oder enthält sech.

***Vote***

D'Propositioun vum Här Henckes ass ofgelehnt mat 29 Nee-Stëmmen, 7 Jo-Stëmmen an 18 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Glesener, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Fred Sunnen), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Jean Spautz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Emile Calmes), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Théo Stendebach), MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Alexandre Krieps), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, Ben Fayot, MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

Domat ass den Ordre du jour esou ugeholl wéi e vun der Conférence des Présidents virgeschloe ginn ass a wéi en och gëschter vun lech hei ugeholl ginn ass.

Dir Dammen an Dir Hären, den Här Paul-Henri Meyers freet d'Wuert fir den Dépôt vun zwou Propositions de révision de la Constitution ze maachen. Den Här Meyers huet d'Wuert.

### 2. Dépôt de deux propositions de révision de la Constitution

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen heimat den Dépôt vu folgenden zwou Propositions de révision de la Constitution:

Eng éischt Propositioun, déi den Artikel 37 vun der Verfassung ofännert, an eng zweet Propositioun, déi d'Artikelen 51 an 52 vun der Verfassung ofännert.

Ech géif de President an d'Conférence des Présidents bieden, déi Propositiounen un d'Regierung an un de Conseil d'Etat weiderzeleeden. Mir kënnen da spéider déi Propositiounen hei an der Plénière diskutéieren. Merci.

**M. le Président**.- Merci. D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun zwou Propositions de résivion de la Constitution duerch den Här Paul-Henri Meyers. Si ginn un déi zoustänneg Instanze weidergeleet.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn dann als éischt d'Question urgente 1852 vum Här Robert Mehlen iwwer terroristesch Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg. Den Här Premier- a Statsminister Jean-Claude Juncker huet sech bereet erkläert, fir direkt op déi Fro ze äntweren. D'Wuert huet den Här Robert Mehlen.

### 3. Question urgente 1852 de M. Robert Mehlen relative aux activités terroristes sur notre territoire national

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net zënter haut a gëscht, datt ëmmer erëm gesot a geschriwwe gëtt, datt hei zu Lëtzebuerg Aktivitéite sech géingen ofspillen, déi an den terroristeschen oder an de mafiöse Beräich ze situéiere wieren. Wéi gesot, dat ass näischt Neits.

Et muss een awer soen, datt déi lescht Zäit esou Indikatioune sech verstäerkt a sech intensivéiert hunn. Ech selwer hu virun enger Zäit eng Questioun gestallt gehat iwwer eventuell Aktivitéite vun der Mafia hei zu Lëtzebuerg. Déi ass vun der Regierung eindeuteg negativ beäntwert ginn, mä wéi gesot elo a leschter Zäit huet dat sech intensivéiert. Mer hunn och haut kënnen an enger Wochenzeitung relativ schwéier Konstatatiounen a Beschëllegungen un d'Adress vun der Regierung liesen.

Op Grond vun Informatiounen, déi ech gëschter an deem Sënn kritt hunn, hunn ech mer erlaabt, déi Question urgente, déi virläit un den Här Statsminister ze riichten, well et hei an éischter Linn ëm Informatioune geet, déi solle vum Service de Renseignement kommen, an ech wëll dofir den Här Statsminister froen:

Si vu Säite vum Service de Renseignement Erkenntnisser un hien erugedroe ginn, datt terroristesch Réseauen oder terroristesch Aktivitéiten oder Aktivitéiten, déi mam Terrorismus ee Lien hätten, sech um Lëtzebuerger Territoire géingen ofspillen?

Stëmmt et, datt den Här Statsminister respektiv aner Regierungsmemberen, déi eventuell dofir zoustänneg sinn, bis elo net bereet waren, fir op déi Indikatiounen anzegoen, respektiv op dës Erausfuerderungen ze reagéieren?

Eng weider Fro ass: Wéi steet et ëm d'Vertrauensverhältnis tëschent dem Service de Renseignement an den zoustännege Regierungsmemberen, wa Leit vum Service de Renseignement als noutwenneg ugesinn, fir de Wee iwwert d'Press ze wielen, fir datt d'Regierung endlech soll aktiv ginn? Wéi gesot, et stinn eng ganz Partie konkret Reprochen am Raum, mee et ass net a menger Intentioun, déi haut an hei zur Debatt ze stellen.

Mer deelen och déi Approche, déi d'sozialistesch Kollege gewielt hunn, fir ze soen, den Här Statsminister soll an déi zoustänneg Kommissioun kommen an do eventuell iwwer verschidden Detailer renseignéieren. Hei geet et ganz allgemeng ëm d'Haltung vun der Regierung an der ganzer Fro vum Fonctionnement vun dësem Sécherheetsdéngscht a vun de Suiten, déi d'Regierung bereet ass ze ginn, wann de Service de Renseignement Saachen u si erundréit, wou d'Sécherheet vun eisem Land am Spill ass, sief et déi international Sécherheet  Et kléngt jo, wéi wann den Accent méi op dem zweete Punkt géing léien.

Hei geet et net nëmmen ëm d'Sécherheet vum Land, hei geet et och ëm d'Crédibilitéit vun eisem Land dobaussen, vu datt déi Reprochë jo öffentlech geäussert gi sinn.

Meng lescht Fro wär: Wat fir eng Suitë gedenkt d'Regierung an där ganzer Thematik hei ze ginn, wann dat sech sollt als wouer erausstellen, wat do öffentlech u Reprochë geäussert ginn ass?.

**M. le Président**.- Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

**M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen. Ech war d'accord, fir déi Fro vum Kolleeg Robert Mehlen als Dréngleschkeetsfro anzestufen, net well ech géif mengen, datt se dréngleschwier, mä well ech mengen, datt et gutt wier, wann ee fir Kloerheet géing suergen, souwäit wéi d'Basisprinzipië vum Lëtzebuerger Stat concernéiert sinn. Dat dispenséiert mech par ailleurs dovunner, op déi Fro vum Här Mehlen, wéisou datt de Geheimdéngscht hei géint de CSV-Statsminister misst rebelléieren, ze äntwerten.

Dëst ass fir d'éischt, dass esou eng Fro hei an der Chamber an där Form duergestallt gëtt a wat aner Sagae staark dierft a Fro stellen. Dëst dispenséiert mech weider, fir op déi Fro anzegoen.

Tatsaach ass, dass net de Geheimdéngscht sech un d'Lëtzebuerger Press adresséiert huet, mä dass d'Lëtzebuerger Press sech un de Geheimdéngscht adresséiert huet, an dass e Journalist vum Jeudi sech beim Direkter vum Geheimdéngscht presentéiert huet a vun him ëmfaang ginn ass; an dass den administrative Chef vum Geheimdéngscht mat deem Journalist ee Gespréich gefouert huet iwwert déi Informatiounselementer, déi dee Journalist huet.

Ech iwwerloossen et dem investigative Sënn vun der Lëtzebuerger Press an dem Enquêtësënn vun de Lëtzebuerger Deputéierten, mir ee Beispill am Ausland ze weisen, wou de Chef vum Geheimdéngscht ee Journalist…

***(Interruptions)***

Dat ass ee Geheimdéngscht. C'est un service!

***(Hilarité)***

Jiddferfalls, déi lamentabel blöd Commentairen, mat deenen de Jeudi haut säin Artikel assortéiert huet, sinn duerch näischt prouvéiert, well de Chef vum Geheimdéngscht huet jo de Jeudi selwer ëmfaang. Ech géif dem Jeudi recommandéieren, vu dass Frankräich an deem Dossier eng grouss Roll spillt, datselwecht emol beim Chef vum franséische Geheimdéngscht ze probéieren.

Onofhängeg dovun, wëll ech der Chamber Folgendes soen: Deen Dag, wéi ech Statsminister gi sinn - Dir musst lech net drun erënneren -, et war den 20. Januar 1995, an ech erënnere mech drun - ech verstinn och, dass ee sech net gären drun erënnert; Dir erënnert lech och net gären un den Datum vu menger nächster Vereedegung an deem Zesummenhang -,...

***(Hilarité)***

…deen Dag also, wou ech Statsminister gi sinn a mat mengem Virgänger iwwert de Geheimdéngscht geschwat hunn, an och nach mat zwee anere vun deem senge Virgänger, hunn ech mir virgeholl grad wéi déi, an op deenen hir Recommandatioun hin, ni zu Froe vun der ënnerer Sécherheet öffentlech Stellung ze huelen. Ni! Aus deem ganz einfache Grond, dass d'Aufgab vum Statsminister doranner besteet - wéi vun aneren zoustännege Ministeren och, mä op eng privilegéiert Fassong vum politesche Chef vum Geheimdéngscht - Schued vun de Lëtzebuerger ofzehalen an hir Sécherheet ze vergréisseren.

Ech ginn net dofir bezuelt, fir Terroristen heibannen ze informéieren. Ech ginn dofir bezuelt, fir ausserhalb vun dësem Raum dofir ze suergen, dass d'Sécherheet vun de Lëtzebuerger maximal garantéiert ass. Dat ass meng Aufgab. A wann d'Chamber gären hätt, dass ech hei am Plenum zu konkrete sécherheetsrelevante Virgäng Stellung huelen, dann hätt ech gär, dass d'Chamber weess, dass ech dee Moment zrécktrieden, wou d'Chamber dat gäre vu mir hätt.

Ech poteren hei net iwwer sécherheetsrelevant Froe vum Lëtzebuerger Land. A wann een dat gären hätt, soll e mech dat froen an da soen ech, ech maachen dat net, an da kritt Dir een anere Statsminister. Domat geet d'Land net ënner. Mee ech kommen net heihinner Informatiounen ausbreeden, déi géint d'Sécherheetsinteressen vum Lëtzebuerger Land a vun deene Leit, déi am Lëtzebuerger Land wunnen, verstoussen. Fir dass déi Saach kloer ass.

Déi zweet Saach ass grad esou kloer: Ech beäntwere keng Froen an der Press iwwer sécherheetsrelevant Elementer vun der Aktualitéit. De Jeudi huet mir gëschter, mengen ech, dräi Froe virgeluegt an och anere Kolleegen an der Regierung all Kéiers dräi Froe virgeluegt. - Et funktionéiert ee jo cartesianisch a franséischsproochegen Zeitungen. - Ech hunn engem Minister gesot, hien dierft déi Froen net beäntweren, nodeem deen aneren, nämlech de Justizminister, mir direkt gesot huet, hie géif déi Froen net beäntweren.

Stellt ee sech wierklech vir, dass de Statsminister oder e Minister géing soen, ob jo oder nee d'Moschee zu Mamer iwwerwaacht gëtt? Huet dat eppes mat Pressefräiheet ze dinn? An huet et eppes, wéi vum Jeudi haut monéiert, mat Feigheet ze dinn, wann een déi Froen net beäntwert? Oder huet et eppes mat Dommheet ze dinn, wann een déi Froe stellt?

Mee ech sinn awer zu all Moment bereet, deen ech net responsabel sinn a Sécherheetsfroe virun der Lëtzebuerger Press - et ass mir quiitschegal, wat d'Lëtzebuerger Press an deem Zesummenhang iwwer mech schreift - an deenen zoustännege Chamberkommissiounen, sou wéi vum Kolleeg Alex Bodry mir radiophonesch haut de Mëtteg matgedeelt, all déi Elementer op den Dësch ze leeën, iwwert déi de Statsminister an de Geheimdéngscht verfügen. Woubäi ech gären hätt, dass déi, déi an där Kommissioun sinn - ech mengen, am beschte wär dat d'Conférence des Présidents, mee et ass de Choix vun der Chamber, déi richteg Enceinte erauszewielen -, sech un där Démarche inspiréieren, déi déi vum Chef vun der Regierung ass, nämlech, dass een doriwwer no baussen net schwätzt.

Ech si bereet, dat mar de Mëtteg ze maachen, e Samschdeg de Mueren oder iergendwann am Laf vum Méindeg. Ech hätt et am léifsten haut de Mëtteg direkt gemaach, mä ech muss op Zürich fléien, well mir Gespréicher mat de Schwäizer Autoritéiten ze féieren hunn, déi am Zesummenhang mat engem europäesch net irrelevanten Dossier stinn. Dofir kann ech dat haut de Mëtteg net maachen. An dat bréngt mech im Übrigen dozou fir ze soen, dass wa monéiert gëtt, dass d'Lëtzebuerger Regierung, d'politesch Autoritéit, d'Tatsaach géif verstoppen - wann déi Tatsaach sech da géif révéléieren -, dass et Terroristen op eisem Territoire gëtt, dass mir déi Tatsaach géife verstoppen, fir dem Image de marque vum Land net ze schueden oder fir der Finanzplaz net ze schueden. Et sinn dat leschten Enns spektakulär Virwërf, an déi sinn emol net ënner Froeform geäussert, mee ënner Form vun Affirmatioun.

Ech kann der heibannen op d'mannst 59 nennen, déi sech mindestens esou fir d'Finanzplaz asetzen ewéi ech. An ech kann Der heibannen op d'mannst 50 nennen, déi eng manner grouss Distanz zu der Finanzplaz hunn, wéi deen, deen amgaangen ass hei ze schwätzen. Dofir géif ech wierklech drëm bieden, wann et ëm d'Sécherheet vun de Lëtzebuerger geet, net den Androck ze schüren, wéi wann de Statsminister aus Rücksicht op d'Finanzplaz - d'Finanzplaz ka mech klibberen, wann et ëm d'Sécherheet vun de Lëtzebuerger geet -, Rücksicht op d'Finanzinteressen zu Lëtzebuerg géif huelen. Ech fannen dat wierklech beleidegend, dass een esou eppes däerf schreiwen. Dat ass remarquabel, dass een esou eppes kann einfach soen, ouni ee Beweis vun iergendeppes.

Also, ech kommen an déi Chamberkommissioun - Dir wielt eraus, wat fir eng et ass - zesumme mam Justizminister a mam Chef vum Geheimdéngscht. Dir kënnt och de Chef vum Geheimdéngscht eleng befroen, ouni dass e Politiker dobäi ass, fir Auskunft ze ginn iwwer alleguer déi Froen. Et gëtt ee Bréif - wéi ass et mat der Mémoire collective heibannen, eigentlech? - vum Statsminister Werner, deen an Zesummenhang mam Knacken am Jacques Poos senger Leitung gesot huet, à tout moment kéint d'Chamber de Chef vum Geheimdéngscht héieren zu ganz konkrete Virgäng vu geheimdéngschtlecher Aktivitéit zu Lëtzebuerg. Dee Bréif ass ni widderruff ginn, ergo besteet en nach: Déi Autoritéiten, déi politesch an déi administrativ, déi zoustänneg si fir geheimdéngschtlech Aktivitéiten zu Lëtzebuerg, sinn zu all Moment bereet an der Chamber doriwwer déi Renseignementer ze ginn, déi musse kënne vun Deputéierte gefrot ginn, an déi sech da musse froen, wéi se mat deene Renseignementer ëmginn.

Ech wëll Iech soen, dat, wat mech am meeschte belaascht, Dag an Nuecht, dat sinn déi Donnéeën, déi ech iwwert de Lëtzebuerger Geheimdéngscht zougedroe kréien, a wou ech mat mir eleng sinn. Ech ka mat kengem doriwwer schwätzen. Net froen, wat ech domatter muss maachen, ob ech soe soll: zougräifen, ob ech soe soll: ofwaarden, ob ech am Ausland soll froen: Wéi gesitt Dir dat? Déi Dossiere si jo ëmmer an engem internationalen Zesummenhang ze gesinn.

Ech hunn näischt dogéint, wann aner Leit déi Chargen hëllefen droen. Ech soen Iech just: Et gëtt der net vill, déi sech där Charge wëllen a leschter Instanz a voll verantwortlech stellen. Deen Eenzegen, dee wéinst geheimdéngschtlechen Aktivitéiten, wéinst noriichtdéngschtlechen Aktivitéiten, wéinst Feeler, déi kënne gemaach ginn, wéinst Momenter, wou een net déi richteg Décisioun hëlt, politesch Verantwortung muss droen, dat ass deen, dee virun Iech steet. Alleguer déi aner, déi doriwwer kënnen en Aufsatz schreiwen, Zeitungsartikele schreiwen, Froe stellen - wat ech normal fannen, niewebäi bemierkt -, déi ginn an hirer politescher Existenz dovunner iwwerhaapt net beréiert. Ech muss mat mir selwer eens ginn. Ech kann doriwwer heiansdo mam Minister vun der Justiz schwätzen, fir iwwregens och ëmmer erëm festzestellen, dass d'Regierung sech - dofir muss ee matenee schwätzen, wann dat d'Gesetz net virgesäit - strikt u rechtsstaatlech Prinzipien hält.

Ech sinn dogéint, datt, wéi Eenzelner dat emol kënne suggéréieren, déi op enger Affär schaffen a gären hätten, dass eppes géif geschéien, systematesch Razzien an de Lëtzebuerger Moscheeë gemaach ginn, well ech dergéint sinn, dass ee systematesch Islam mat Terrorismus gläichstellt.

Ech sinn dergéint, wéi Eenzeler dat emol kënne suggéréieren, déi dann net zefridde sinn, wann déi politesch Autoritéiten deem net automatesch nokommen, fir déi ganz Communautéit vun de Réfugiéë geheimdéngschtlech inspizéieren ze loossen. Well alleguer déi Fäll, déi hei genannt gi sinn an der Press haut, déi hallef oder zu dräivéirel stëmmen, all fanne se an der Communautéit vun de Réfugiéë statt. All!

Ass dat eng Ursaach fir mat pauschale Verdachtsmomenter géint déi Leit virzegoen, oder ass dat net esou, dass ee sech ëmmer, wann ee Verantwortung dréit, op d'Rechtsstaatlechkeet muss besënnen, well déi muss den "Elément directeur" vum individuellen an och politeschen Handele sinn? An dofir ass de Kompromëss, deen ze fannen ass - Kompromëss an der Saach -, een, deen ëmmer muss dofir suergen, d'Sécherheet vun de Leit ze garantéieren. An déi gëtt och garantéiert, well all Servicer, souwuel de Geheimdéngscht, wéi déi aner Sécherheetsservicer hei am Land, suivéieren déi Affären.

Fir tëscht der Sécherheet vun de Leit an der Rechtsstaatlechkeet vun de Prinzipien, déi unzewenne sinn, dee Kompromëss ze fannen, ass net ëmmer liicht. Ech loosse mech lo e bëssen dreiwen. Mee heiansdo froen ech mech: Okay, elo observéieren ech rechtsstaatlech Reflexer, mee wann et muer knuppt, wéivill ass déi Auskunft wäert hei am Parlament an an der Öffentlechkeet, dass ech e rechtstaatleche Mënsch sinn? Dat si Konflikter, déi muss ee mat sech ausdroen. An ech muss mat deene Konflikter liewen, wéi alleguer meng Virgänger, wann och ënnert aneren Ëmstänn, well do hate mer déi terroristesch Bedroung net.

Ech wëll hei soen, well d'Leit hunn e Recht fir dat ze wëssen, dass et keng immédiat terroristesch Bedroung zu Lëtzebuerg gëtt. Mee dass mer awer munches mussen observéieren, dass mer munches musse suivéieren, dass mer munches musse gesinn, dass mer villes mussen analyséieren, dass mer déi Analysen, déi mer selwer hunn, a Kombinatioun brénge musse mat deenen Analysen, déi aner Geheimdéngschter an aner Regierungen iwwert déi, grad déi Zesummenhäng, déi och zu Lëtzebuerg Intersectiounselementer bilden, an dass mer doriwwer musse schwätzen.

Ass dat eng Ursaach, ech froen Iech dat an allem Eescht, fir hei an dem Parlament doriwwer Auskunft ze ginn? Ass dat eng Ursaach, fir Froe vu Journalisten doriwwer ze beäntwerten? Dat ass net meng Opfaassung vun deem, wat ech hei am Land ze maachen hunn. Et ass och net meng Opfaassung vu Responsabilitéit.

Responsabel handelt een, wann ee sech fir d'Sécherheet vun de Leit asetzt. An do mécht ee Feeler. Fir déi muss een dann och bezuelen, wann een der mécht. A sidd frou, dass Der net fir alles gefrot gitt, wat een do muss maachen. Do mécht ee Saachen, vun deenen ee sech herno seet, et wier besser gewiescht, et hätt ee se net gemaach. Do gëtt een Informatiounen un d'Ausland weider, vun deenen ee sech herno seet, et wier besser, et hätt een déi Informatiounen net viruginn. An et gëtt een Informatiounen net virun, vun deenen ee sech herno seet, et wier besser gewiescht, et hätt ee se viruginn. Do kritt een Informatiounen, vun deenen ee seet, et wier besser gewiescht, ech hätt déi viruginn zu Lëtzebuerg, an et kritt een der, déi hutt ee viruginn, wou et besser gewiescht wär, et hätt ee se net viruginn, well munches zu falsche Reflexer och féiert.

Ech sinn de politesche Chef vum Geheimdéngscht, an ech bilde mir an, dass ech een Urteel kann driwwer fällen, wann Informatioune mer zougedroe ginn, ob muss agegraff ginn oder net. Dat ass meng Responsabilitéit. Et ass net déi vum Chef vum Geheimdéngscht, an et ass och net déi vun den eenzelne Geheimdéngschtagenten, deenen hir Frustratiounen een heiansdo ka verstoen, mee déi awer net all Elementer hunn, déi ee muss hunn, fir sech kënnen e breet genucht Jugement driwwer ze erlaben, ob eppes muss ënnerholl ginn oder net muss ënnerholl ginn.

Dofir, Här President, mat allem Respekt virum Parlament - ech hunn et dorunner ni feele gelooss -, ech ginn hei an öffentlecher Sitzung keng Informatiounen. A wa keen dat verlaangt, tant mieux. Doraus resultéiert iwwregens awer och, dass keen, deen an dëser Institutioun sëtzt, sech däerf driwwer wonneren, dass ech enger Zeitung keng Informatioun driwwer ginn, wann ech se esouguer heibannen net driwwer ginn.

Mee ech si bereet mat deene responsabele Parlamentarier, déi an där Kommissioun sinn an déi sech dofir zoustänneg spieren, doriwwer selbstverständlech an aller Offenheet ze diskutéieren, wat Confidentialitéit virausetzt, déi, géif se verletzt ginn, selbstverständlech och eng Rei vu Konsequenze géif no sech zéien.

Datt am Zesummenhang mat dëser Fro och d'Diskussioun iwwert d'Reform vum Geheimdéngscht opkomm ass, huet mech net iwwerrascht. Ech gesi keng Zesummenhäng do. Mee, wann ee wëllt Zesummenhäng an Erfahrung bréngen, da géif ech déi och gären an der Kommissioun erläuteren, well no den Attentater vum 11. September hunn ech e puermol am Accord mat der Regierung öffentlech erkläert, mir géifen déi Reform vum Geheimdéngscht an der Zäit e bëssen zrécksetzen, fir net zu falsche reflexaartege Mordikusbewegungen an eiser Législatioun ze kommen.

Ech war erstaunt, wéi ech gelies hunn, et misst méi stramm duerchgegraff ginn. Ech hätt gären, dass och e Geheimdéngscht sech u rechtsstaatlech Prinzipien hält, an ech wëll net, dass am Äifer vum Gefecht nom 11. September oder no engem Artikel am Jeudi, wou geschwat gëtt vu "vu l'importance des événements", radikal Moossname getraff ginn.

Im Übrigen - dat wëssen eenzel Kolleegen - hat ech der leschter Regierung eng Reform vum Geheimdéngscht an engem fäerdege Gesetzesprojet virgeluegt. Et war net méiglech, sech doriwwer ze eenegen. Do si berechtegt Froe gestallt ginn, déi mengem Grondwiesen net total friem sinn. Ech si gäre bereet, iwwer all déi Froe erëm ze diskutéieren. Et ass d'Absicht vun der Regierung am Laf vum Mount November souwisou eng Reform vum Geheimdéngscht anzebréngen, déi eng onopgereegte Reform soll sinn, déi sécherstellt, dass de Geheimdéngscht ee geheimen Dingscht bleift, well wann eppes kloer ginn ass, duerch déi quasi an dräivéirel soit disant Révélatioune vum Jeudi - vill Elementer dovunner stounge schonn an der Zeitung an deene leschte Joren -, dann ass et jo wuel, dass mer e Geheimdéngscht brauchen. Fir mech ass dat keng nei Erkenntnis.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

## 4. Motion de M. Jean Asselborn sur la situation en Irak

**M. le Président**.- An hirer Sitzung vu virgëschter huet Chamber décidéiert, datt dem Här Jean Asselborn seng Motioun iwwert d'Situatioun am Irak haut ufanks vun der Sitzung op den Ordre du jour kéim. Den Här Asselborn hat seng Motioun den 2. Oktober 2002 um Greffe vun der Chamber déposéiert. Déi Motioun huet folgende Wuertlaut:

***Motion 1***

La Chambre des Députés,

*- considérant les risques croissants d'une intervention militaire en Irak;*

*- rappelant la résolution 1284 (1999) du Conseil de Sécurité intimant l'Irak à obtempérer aux exigences imposées par le Conseil de Sécurité et donc avec la commission de contrôle des armements en Irak;*

*- considérant que l'Irak a accepté le retour sans entrave, sans condition et sans délai des inspecteurs du désarmement de l'ONU conformément aux clauses de ladite résolution;*

*- estimant qu'il s'agit en l'occurrence d'une première étape indispensable pour vérifier que l'Irak ne possède plus d'armes de destruction massive, tout en reconnaissant que l'Irak a dans le passé violé à plusieurs reprises ses engagements;*

*- se félicitant de la position des pays arabes qui ont fait pression sur les autorités irakiennes afin qu'elles acceptent les exigences des Nations Unies;*

*- estimant que la communauté internationale doit continuer à exercer toute sa vigilance à l'égard du régime irakien;*

*- considérant que la Charte des Nations Unies n'autorise pas les guerres préventives;*

*- refusant toute action militaire unilatérale dépourvue de légitimité;*

*- jugeant qu'une intervention militaire en Irak aurait des répercussions dramatiques sur toute la région;*

*invite le Gouvernement*

*à œuvrer au sein des organisations internationales dont il est membre afin:*

*- de continuer à exiger que l'Irak s'engage sans condition à appliquer strictement les résolutions de l'ONU, relatives à l'interdiction des programmes irakiens de fabrication des armes de destruction massive;*

*- d'intensifier leurs efforts par la diplomatie et d'explorer toutes les voies de règlement pacifique pour éviter une guerre en Irak et chercher la solution du problème irakien par le biais du droit international;*

*- d'appuyer les efforts de médiation, en particulier ceux du Secrétaire Général des Nations Unies, visant à trouver une solution pacifique et politique globale au Proche-Orient basée sur le respect des normes de la communauté internationale;*

*- de s'abstenir au soutien de toute action non couverte par un mandat du Conseil de Sécurité des Nations Unies.*

*(s.) Jean Asselborn.*

Den Här Asselborn huet d'Wuert, fir seng Motioun virzedroen.

**M. Jean Asselborn** *(LSAP)*.- Merci, Här President. Ech fannen et gutt, dass mer an der éischter Woch vun eiser Chamberssëtzung iwwert d'Problematik vum Irak schwätzen, an ech géif och duerfir der Madame Ausseminister merci soen, dass se sech disponibel erkläert huet, fir de Mëtteg hei der Chamber Ried an Äntwert ze stoen.

Den Irak, dat wësse mer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt jo vun engem Diktator gefouert, een Diktator - Saddam Hussein -, dee vill Blutt u sengen Hänn huet, deen zënter 1979 un der Muecht ass, an onendlech vill Leed provozéiert huet. E Mann, deen de Kuwait iwwerfall huet, deen zéngdausende Kurde gemort huet, dee seng politesch Géigner zënter 1979 systematesch physesch éliminéiert, e Personnage, dee säi Vollek ausbeut an et ënnerdréckt.

Am Irak, an dësem Land, si Massevernichtungswaffe stationéiert, dat weess een. D'Gefor, déi dës duerstellen am Kader vum internationalen Terrorismus brauch een net opzezeechnen, ofgesinn dervun, dass de Saddam Hussein se och kënnt asetzen, fir se géint aner Länner ze riichten. Den Irak ass jo zënter Joren scho vun der UNO opgefuerdert ginn, fir dës Waffen ze zerstéieren, a säi Waffenarsenal duerzeleeën. Zënter Jore spillt deen Diktator mam Feier, an ech menge et ass nëmme richteg, dass d'international Communautéit deem Spill en Enn mécht an dass d'UNO-Inspekteren Accès kréien, fir an aller Fräiheet iwwerall am Land ze kontrolléieren, fir déi Vernichtung och ze kontrolléieren a fir se virzehuelen.

Nun, Här President, de Senator Edward Kennedy sot viru kuerzem: "La guerre devrait être le dernier recours, pas la première réponse." An de leschte Wochen ass aus de USA d'Signal ganz staark komm, dass eleng eng militäresch Aktioun de Problem an den Ae vun der Administratioun Bush léise kéint. Glécklecherweis sinn et awer vill Stëmme ginn an der Europäescher Unioun an och op der ganzer Welt, déi dës Astellung net deelen. Duerfir soen ech hei virewech, dass een net antiitalienesch ass, wann een d'Regierung vum Här Berlusconi kritiséiert, mee, a mengen Aen, ass een dann ee grousse Demokrat.

Et ass een och net antidäitsch, wann een d'Regierung oder d' Persoun vum Gerhard Schröder kritiséiert, well ech mengen net, dass eise Premier antidäitsch agestallt ass, an et ass een och net anti-USA agestallt, wann een d'Administratioun Bush kritiséiert. 30 bis 40 % vun den Amerikaner selwer sinn net mat deenen Décisiounen, déi den Här Bush hëlt, d'accord. Fir mech, deen nom Krich gebuer ass, ass déi grouss Léier, déi mer nom zweete Weltkrich jo kritt hunn, virun allem vun den USA, wéi se eis gesot hunn: An Europa misste mer Konflikter léieren ze léisen net mat Kricher, mee um friddleche Wee, dat heescht um diplomatesche Wee.

Duerfir ass jo virun allem d'EU, mee och d'UNO gegrënnt ginn. Sou wéi de Rechtsstat seng Verfassung, seng Gesetzer a seng legal Dispositioune respektéiere muss, souguer, wann e mam Terrorismus konfrontéiert ass, an do denke mir un déi Zäit, wou an Däitschland d'RAF gewüt huet oder d'Brigades rouges an Italien, dann denke mir vläicht un d'Wuert vum Willi Brandt, dee gesot huet, dass de Rechtsstat ni däerf gebéit ginn, speziell a grousse Krisen, soss ass et kee Rechtsstat.

Grad esou géif ech mengen, Här President, dass internationaalt Recht muss respektéiert ginn an dass dat och net ka gebéit ginn, och wann ee mengt, oder wann ee wierklech dee Stäerksten op der Welt ass. Soss ass Krich d'Äntwert op villes, wat op dëser Welt schifleeft.

Et gëtt keng Doktrin an et gëtt och keen Artikel an der Charta vun den Nations Unies, déi ee Präventivkrich géife virgesinn. Ee Präventivkrich ka folglech net décidéiert ginn am Kader vum Artikel 51 vun der Charta vun den Nations Unies. Speziell awer och, wann ee bedenkt, wat e Krich, mat Bommen a Missilen, fir ee Schued erëm géif bewierke vis-à-vis vun enger Populatioun am Irak, déi schonn zënter Jorzéngte wierklech märtyriséiert ass.

Fir et kuerz ze maachen, Här President, eis Partei ass derfir: Éischtens, dass d'Inspektioun am Irak muss gemaach ginn, dass all Drock muss ausgeübt ginn, fir dass dës Aufgab kann erleedegt ginn an dass déi Waffen, déi sech do befannen, déi Massevernichtungswaffen, musse vernicht ginn.

Zweetens, nom 11. September 2001 sinn d'USA mat engem grousse Problem konfrontéiert. Dat akzeptéiere mer. A mir akzeptéieren och, dass si den internationalen Terrorismus bekämpfen a mam Irak a mam Saddam Hussein wëllen ofrechnen, well se doranner e wierkleche Géigner gesinn.

Mee als Frënn vun den USA musse mir hinnen awer och soen, dass et do dernieft aner Konflikter op der Welt gëtt. Zum Beispill deen enorme Konflikt am Noen Osten. An dass et och de Kampf géint de Misär gëtt. Erënnere mer eis drun, dass jo vill Leit geschwat hunn nom 11. September vun enger Koalitioun géint de Misère op der Welt. An eisen Ae wier et och abstrus, wann de Saddam Hussein et géif fäerdeg bréngen, dass géif e Feindbild opgebaut ginn, wou d'USA géifen an EU-Länner hir Feinde gesinn, oder EU-Länner géifen an den USA e Feindbild opbauen. Feindbiller sinn ni e gudde Repère an der Politik. Eis Partei gesäit an den USA e Frënd a bestëmmt kee Feind.

D'Regierungen, déi kommen an déi ginn; wat bléift, dat si Populatiounen, an tëschent de Populatiounen aus Europa, an doudsécher och tëschent där vu Lëtzebuerg an där vun den USA, ass eng Bréck vu Frëndschaft, déi net ze iwwersinn ass. Mee eng Bréck huet zwee Feiler. An et däerf net sinn, dass een deem anere säi Feiler ewechschneit, soss riskéiert déi Bréck baufälleg ze ginn. Souvill ass de Saddam Hussein net wäert, dass mir an esou ee Bild géifen erakommen.

Mat där Motioun, déi mir hei déposéiert hunn, an déi schonn iwwer eng Woch der Chamber virläit, déi ech also net am Detail brauch elo ze explizéieren, wollte mir, dass d'Lëtzebuerger Chamber iwwert dee Problem sech ënnerhält an driwwer diskutéiert. A mir wollte virun allem awer och der Lëtzebuerger Regierung aus eiser d'Siicht soen, dass se an där Fro alles ënnerloosse soll, wat net vun den Nations Unies décidéiert gëtt. Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

***(Interruptions)***

***Discussion générale***

**M. Claude Wiseler** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Situatioun am a ronderëm den Irak ass keng, déi ee ka völleg eesäiteg behandelen. De Régime vum Saddam Hussein ass een, deem seng Brutalitéit an Onberechebarkeet net méi muss bewise ginn. D'Iwwerhieflechkeet, mat där den Irak sech bis op Weideres de Verhalensregele vun der Weltgemeinschaft widdersetzt, ass schwéier ze erdroen. Et ass am Spannungsfeld vun all deene Considératiounen, wou mir iwwert dës Situatioun haut debattéieren, an zwar manner iwwert den Irak selwer, wéi iwwert d'Konsequenzen an d'Schlussfolgerungen, déi aus där d'Situatioun ze zéie sinn.

Den Irak huet scho Massevernichtungswaffe produzéiert a mécht wahrscheinlech datselwecht och elo erëm, während deene Joren, wou keng Waffeninspekteren op der Plaz waren. Den Irak gëtt beherrscht vun engem Muechtapparat, deen a regelméissegen Ofstänn kaum Zweiwel dru léisst, datt e gewëllt ass, dës Waffen och anzesetzen, wann et dorëms geet, de Géigner

Lektiounen ze erdeelen. Dës Situatioun huet a leschter Zäit mat der Evolutioun vun der Weltpolitik nach déi staark zousätzlech Suerg opbruecht vun der Notzung vun irakesche Waffen am Kader vun terroristeschen Aktiounen, an dat weltwäit.

Dëst mécht den Irak nach méi onberechenbar an déi wahrscheinlech Bedroung, déi vun him ausgeet, nach méi onmëttelbar konkret. D'Fro ass, wat fir eng Konklusioune mer aus dëser Situatioun zéien. An eisen Ae sollt d'Äntwert op dës Fro vun de Vereenten Natioune kommen. Dofir si se do, dofir hu mir se geschaf. A grad fir kleng State wéi Lëtzebuerg ass dat internationaalt Recht e gudden Alliéierten.

Fir eis ass de Retour vun de Waffeninspekteren an den Irak déi éischt Etapp fir sécherzestellen, dass den Irak keng Massendestruktiounswaffe méi produzéiert an an Zukunft méi besëtzt. Dat ass zwar vum Irak akzeptéiert, et muss awer an der Praxis ënnert deene beschtméigleche Konditiounen an a voller Transparenz duerchgefouert a kënnen duerchgefouert ginn. An dofir ass den internationalen Drock, dee wa méiglech soll zesummen, sou gëeent wéi méiglech, ausgeübt ginn, eng absolut Konditioun. Et ass den Intérêt vun der ganzer internationaler Communautéit, fir dës Gefor an de Grëff ze kréien, de Retour vun den Inspekteren duerchzesetzen an ze garantéieren, datt déi irakesch Massevernichtungswaffen zerstéiert sinn.

Mee hei geet et jo net ëm just e Land. Dës ganz Situatioun huet enorm Konsequenzen op den Equiliber an der ganzer Regioun. Aus deem Grond mussen an déi noutwenneg diplomatesch Efforten och déi Länner mat agebaut ginn, déi an der Géigend moderéiert sinn an doduerch e Stabilitéitsfacteur duerstellen. Hir Aarbecht an hir Präsenz sinn an dësem Kontext wesentlech. All Décisioun, déi geholl gëtt, muss der grousser geopolitescher Onstabilitéit an der Regioun Rechnung droen. Aus deem Grond ass et net méiglech eng einfach Approche vun dem villschichtegen Dossier ze hunn, well se der Komplexitéit vun der Kris net Rechnung dréit a well se riskéiert, d'Konsequenze net ganz an de Grëff ze kréien.

Dofir ass et wesentlech, datt Étape par étape gefuer gëtt. D'Waffeninspektere mussen op d'Plaz goen, fir alles an iwwerall kënnen ze kontrolléieren. Dofir muss den Drock op den Irak grouss sinn, an aus deem Grond d'Unitéit vun esou vill wéi méiglech Länner kloer sinn, fir dass dës Pressioun och maximal kann ausgeübt ginn.

Dofir ass et fir eis wesentlech, dass eis Regierung am Kader vun den internationalen Organisatiounen, wou se Member ass, éischtens op d'strikt Applikatioun vum Irak vu sämtlechen UNO-Resolutiounen insistéiert, inklusiv déi vum Verbuet vu Programmer fir d'Fabrikatioun vu Massendestruktiounswaffen, an zweetens och dofir antrëtt, datt déi Aktiounen, déi stattfanne wäerten oder mussen, am Kader vun der UNO solle stattfannen. Fir dës Positioun kloer zum Ausdrock ze brëngen ass eng Motioun ausgeschafft gi vun de Majoritéitsparteien, déi nach opsteet fir jiddfereen, dee se wëllt mat ënnerschreiwen, an déi den Här Rippinger an e puer Minutte wäert déposéieren. Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Asselborn, eis Motioun ass e bësse méi komplett, dofir si mir éischter fir déi.

Lëtzebuerg als Grënnungsmember vun der UNO, an domatr eis Regierung an natierlech och mir, andeem mir als Chamber der Regierung eis Recommandatiounen ausspriechen, si gefuerdert, fir zu der Irak-Fro Stellung ze bezéien.

Ech mengen, mir sinn eis all eens, dass den Irak ouni Zweiwel eng Gefor fir d'Regioun vum Moyen-Orient duerstellt. Den Irak ass sécherlech net dat eenzegt Land, wou sech d'Fro vun nuklearen, biologeschen a chemesche Massevernichtungswaffe stellt, mee den Irak huet säit dem Enn vum Golf-Krich wéinst sengem Verhale vun der internationaler Communautéit eng Rei vun Obligatiounen operluegt kritt. Mir kënnen och net vergiessen, dass den Irak seng chemesch Waffe géint seng eege Bevölkerung geriicht huet, och géint den Iran, an domat géint déi international Konventioun verstouss huet.

Et ass och eng Tatsaach, dass den irakesche Régime, säit dem Enn vun dem Golf-Krich, sech net un déi entspriechend Resolutioune vum UNO-Weltsécherheetsrot gehalen huet. Mir wëssen awer, dass nach ëmmer e Risque besteet, dass den Irak iwwer Massevernichtungswaffe verfügt. An der heiteger weltpolitischer Situatioun, an dat ëmsou méi säit dem 11. September vum leschte Joer, ass et wichteg, dass eventuell Risikofacteuren, déi de Fridde vun enger ganzer Regioun, mee awer och dee vun eiser Welt gefährden, ënner Kontroll gehalen an op e Minimum reduzéiert ginn.

Dofir schéngt et ganz kloer, dass et primordial ass, dass d'UNO-Waffenexperten erëm däerfen an de Irak eran, an dass se ouni wenn und aber hir Kontrolle kënnen duerchféieren an duerchzéien. Et schéngt kloer, esou wéi dat och an der Resolutioun 1284 aus dem Joer 1999 festgehale ginn ass, dass se Zougang kréien zu allen Zonen, Anlagen an Equipementer, déi se kontrolléiere wëllen, an och zu deenen aacht presidentielle Siten, esou wéi dat an der Resolutioun 1154 festgehale ginn ass.

Déi irakesch Regierung huet hire prinzipiellen Accord ginn, fir dass d'Inspektiounen erëm kënnen opgeholl ginn. An dem Bréif, dee se de 16. September un de Secrétaire général vun de Vereenten Natioune geschéckt huet, gëtt awer gesot, dass, och wa vu Reprise immédiate vun den Inspektioune geschwat gëtt, fir d'éischt déi praktesch Modalitéite geregelt musse ginn. Et muss een dat also alles mat Virsiicht genéissen.

Dofir ass et wichteg, fir dass d'Waffenexperten d'Méiglechkeet kréien, hir Inspektioun esou ze maachen, wéi dat an den entspriechende Resolutioune festgehale ginn ass, dass d'international Communautéit gëeent ass, fir den Drock op den Irak oprechtzeerhalen. Een, dee sech dofir asetzt, dat heescht fir den Drock oprechtzeerhalen, muss net onbedingt fir eng militäresch Aktioun sinn, mee déi Méiglechkeet ze erwägen, ass eent vun den Elementer, déi hëllefen op diplomateschem Wee eng Léisung ze fannen.

Nach eng Kéier: Eng Militäraktioun erwägen, als Element vun enger diplomatescher Strategie ass eppes aneschtes, wéi effektiv esou eng Militäraktioun wëllen duerchzezéien. Eng militäresch Aktioun muss ëmmer deen allerleschte Moyen bleiwen. D'militäresch Aktioun ass leschte Recours an d'Primautéit vum Droit international sinn d'Prinzipien, op déi d'Weltuerdnung opbaut säit dem Enn vum zweete Weltkrich.

D'Applikatioun vun deene Prinzipien gëtt leider net vu jiddferengem agehalen, mee déi Prinzipie stellen awer trotzdeem eng Contrainte fir d'Staten duer. Den Droit verbitt net de Recours op militäresch Moyenen, mee déi international Regelen, och esou, wéi se an der Charte des Nations Unies festgehale gi sinn, schléissen d'Action unilatérale aus. Et wier wënschenswäert, wann de Wëllen, fir déi international Regelen ze respektéieren a sech déi och opzeerleeën, sech och am Conseil de Sécurité an an der Europäescher Unioun erëmspigele géing.

Esou oder esou kann een awer hei op dëser Plaz net einfach décidéieren, ob et en fin de compte opportun ass, esou eng Aktioun ze befürworten, oder au contraire se kategoresch ofzelehnen. Besonnesch mir als Lëtzebuerg hunn et do schwéier fir matzeschwätzen, well de Risque relativ kleng ass, dass eis Arméi an esou en eventuelle Konflikt mat abezu gëtt. Eis Roll ass et, all diplomatesch Beméiunge mat alle Mëttelen, déi eis zur Verfügung stinn, ze ënnerstëtzen. An dofir maache mir jo och den Appel un d'Regierung, dass se sech an deenen internationalen Organisatioune weiderhin dofir asetzt, dass den Irak sech, ouni Konditiounen ze stellen, un d'UNO-Resolutiounen hält, an all diplomatesch Moyenen an all méiglech Weeër gesicht ginn, fir e Krich am Irak ze vermeiden.

Ofschléissend wëll ech nach eng Kéier betounen, dass et hei net nëmmen eleng ëm den Irak, a besonnesch ëm dat Vollek, dat säit Jore leit, geet, mee et geet ëm d'Stabilitéit vun enger ganzer Regioun. Wann an där Regioun keng Stabilitéit herrscht, dann ass de Rescht vun der Welt och onmëttelbar a Gefor. Dofir geet et en fin de compte drëm, erauszefannen, wat dee beschte Wee ass, fir dass et zu engem allgemeng gedroenen Equiliber an där Regioun kënnt. Ech sinn iwwerzeegt, dass eis Regierung all Moyenen asetzt, fir dass Lëtzebuerg dozou bäidréit.

An deem Sënn, Här President, déposéieren ech an Är Hänn eng Motioun, déi vu mir a vum Här Wiseler ënnerschriwwen ass, a jiddereen, deen déi approuvéiert, kann och nach säin Numm drënner setzen, an déi Fraktiounen, déi wëllen, kënnen hiren Numm drënner setzen. Mir sinn op jidde Fall bereet, déi ze stëmmen. Merci.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- rappelant les résolutions pertinentes du Conseil de Sécurité et notamment les résolutions 1154 et 1284 et insistant sur la nécessité que l'Irak se conforme entièrement et immédiatement aux termes de la résolution 1284 (1999) du Conseil de Sécurité,*

*- notant que le retour des inspecteurs du désarmement en Irak est la première étape pour donner l'assurance que l'Irak n'est plus en possession d'armes de destruction massive,*

*- prenant acte que l'Irak a accepté le retour sans condition des inspecteurs du désarmement de l'ONU et que les autorités irakiennes sont prêtes à examiner les arrangements pratiques indispensables à la reprise immédiate des inspections,*

*- estimant que la communauté internationale doit se montrer unie pour maintenir la pression sur l'Irak afin que les inspecteurs du désarmement de l'ONU puissent effectuer la mission qui leur est dévolue dans les meilleures conditions possibles et selon les termes des résolutions pertinentes,*

*- considérant que la nature instable de l'équilibre géopolitique régnant actuellement au Proche-Orient demande à ce que toute décision pouvant affecter davantage cet équilibre soit prise en tenant compte de cet arrière-fond,*

*- se félicitant du soutien des pays arabes qui ont fait pression sur les autorités irakiennes afin qu'elles acceptent les conditions des Nations Unies,*

*invite le Gouvernement,*

*- à œuvrer au sein des organisations internationales dont il est membre:*

*- de continuer à exiger que l'Irak s'engage sans condition à appliquer strictement les résolutions de l'ONU dont celles relatives à l'interdiction des programmes irakiens de fabrication des armes de destruction massive,*

*- d'intensifier leurs efforts diplomatiques et d'explorer toutes les voies de règlement pacifique pour éviter une guerre en Irak,*

*- de soutenir les efforts entrepris au Proche-Orient et notamment par le Quartet tendant à apporter une solution pacifique durable à cette région dans son ensemble,*

*- d'insister sur la nécessité que toute action menée en cette matière doit se faire sous l'égide des Nations Unies.*

*(s.) Jean-Paul Rippinger, Ady Jung, Claude Wiseler.*

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Irak stellt sonner Zweiwel eng Gefor duer. Mir hu gesinn, datt, wéi d'Waffeninspekteren nom Golf-Krich d'Land duerchsicht hunn, si eng Rei chemesch Waffen a biologesch Waffe fonnt hunn, datt och Préparativen a Méiglechkeete bestan hunn, fir eng Atomwaff an Atombommen ze bauen, an datt d'Inspekteren vun der UNO gehënnert gi sinn, hir Aarbecht ze maachen. Mir hunn och gesinn, datt augenblécklech weider Schwieregkeete bestinn. All Donnéeë weisen dorop hin, datt, wann den Irak eppes ze verstoppen huet, e versicht, déi Waffeninspekteren net an d'Land ze loossen. Mir hunn awer och gemierkt, datt, wéi den Drock an d'Angscht virun engem Militärschlag vun de Vereenten Natiounen an notamment vun Amerika méi grouss ginn ass, se sech du bereet erklärt hunn, fir d'Waffeninspekteren an d'Land ze loossen, mee awer och net op all Plazen.

Ech mengen, d'international Communautéit muss sécher sinn, datt, wann intervenéiert gëtt, wann d'Waffeninspektere kënnen op d'Plaz goen, se dann op alleguerten déi Sitë kënne goen, wou se wëllen investigéieren. Dat muss op jidde Fall erreecht ginn. A mir fuerdere vun der Regierung, datt se déi diplomatesch Moyenen op d'Weeër setzt, fir alleguerten d'Initiativen an deem Sënn ze ënnerstëtzen.

Mee wat awer net däerf sinn, dat ass, dat mer géingen eng Resolutioun an der UNO befürworten, wou ee Militärschlag automatesch wier, wann déi eng oder déi aner minimal Konditioun net géing vum Irak erfëllt ginn. Och do heescht et mat Mooss virgoen. Et muss séchergestallt sinn, datt all Moyenen, déi um diplomatesche Wee kënnen erreecht ginn, fir d'éischt duerchgezu ginn.

Mee nach eng Kéier: Wann den Irak näischt ze verstoppen huet, da muss e säi Land offe maache fir d'UNO-Waffeninspekteren. Ech wäert elo ofwaarden, wat an der zweeter Motioun steet, fir kënne Stellung ze huelen an ze décidéieren, ob mer kënnen déi Solutioun vun de Sozialisten oder déi, déi hei vum Fraktiounschef vun der DP abruecht ginn ass, ënnerstëtzen. Vläicht ass et méiglech, fir eng gemeinsam Motiounn ze maachen. Dir erlaabt mer, datt mer als Fraktioun doriwwer schwätzen, wa mer den Text vun der zweeter Motioun gekuckt hunn. Merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wëllt zu siwe Punkten an deem heite Kontext Stellung huelen.

Et ass eigentlech eng banal Feststellung oder eng Banalitéit, wann ee festhält, datt den Irak eng Diktatur ass, datt mer et do mat engem Diktator ze dinn hunn, an datt mer eis alleguerte wënschen, datt deen esou séier wéi méiglech ewechkënnt, respektiv entwaffnet gëtt.

Vill méi wichteg sinn, eiser Meenung no, alleguerten déi Froen, déi do hannendru stiechen, an déi éischt, déi ech wëll stellen, dat ass, datt ech emol wëll an Erënnerung ruffen, wéi de Saddam Hussein iwwerhaapt zu deem Pouvoir komm ass, deen en haut huet. Ech mengen, et ass wichteg, datt mer d'Geschicht emol e bëssen an dat richtegt Liicht stellen an dorun erënneren, datt de Saddam Hussein säi groussen Opschwonk erlieft huet während dem Iran-Irak-Krich an datt e während där Zäit zum Beisspill vun de Vereenegte State massiv ënnerstëtzt ginn ass, inklusiv mat Waffen, an datt zu där Zäit, wéi den Här Rippinger richteg hei festgestallt huet, op déi grausaamst Aart a Weis biologesch a chemesch Waffen, virun allem chemesch Waffen deemools agesat gi sinn géint d'iranesch Bevölkerung, datt dat gedult ginn ass an dat déi Zäit keng Zeil wäert war vun iergendengem op der Welt.

Alles dat si Faiten, wann een iwwert de Context haut wëllt schwätzen, ëm deen et am Irak geet. Ech muss och soen, datt jo keen kann dorun zweifelen, datt déi Gréng en totale Géigner si vun alle bakteriologeschen, biologeschen oder chemesche Waffenarsenaler an och vun hirer Produktioun, an datt mer eis eigentlech wënschen, datt mer et fäerdeg brëngen, esou schnell wéi méiglech op der Welt déi dote Waffenzorten un alleréischter Stell ewechzekréien. Wann een dat wëllt erreechen, an zemools, wann ee wëllt d'Diktatoren iwerzeegt oder gezwonge kréien, datt se doropper verzichten, da muss op alle Fall am eegene Stall alles ganz propper sinn a mam gudde Beispill virgoen, an da kann et eben net sinn, wéi dat d'Vereenegt State maachen, datt ee selwer nach ëmmer, als eent vun deenen eenzege Länner, refuséiert, fir déi Konventioun ze ënnerschreiwen, wou et drëm geet, biologesch Waffe weltwäit ze verächten an ze verbidden.

Se produzéieren der souguer nach.

Ech mengen, wann ee wëllt Léieren ausdeelen - an dat ass e Prinzip, dee gëllt fir all Land op der Welt, och fir e grousst d'Land, virun allem fir e groussst Land fir d'Vereenegt Staten, datt een natierlech selwer deementspriechend propper do steeet.

Zweete Punkt ass d'Entwaffnung vum Irak, wou mer eis alleguerten heibannen driwwer eens sinn, och iwwert d'Anhalen vun der Resolutioun 1284, déi 1999 vum Weltsécherheetsrot gestëmmt ginn ass. Wou ee sécherlech kann driwwer diskutéieren, dat ass, ob een déi Resolutioun nach ergänzt duerch verschidden nei Constatatiounen, déi een haut eventuell feststellt, woubäi ech muss soen, datt dat, wat ech bis elo geliwwert kritt hunn an den öffentlechen Diskussioune vu sou genannten neie Beweiser, dat huet bis elo op mech, an net nëmmen op mech - et brauch een nëmme grouss renomméiert Dageszeitungen ze liesen, wéi zum Beispill Le Monde, oder och Wochenzeitunge wéi de Spiegel - net grouss Iwwerzeegungskraaft ausgestrahlt, op alle Fall net an dem Sënn, datt ee konnt bis elo grouss Deeler vun der Welt derzou bewegen, dofir ze sinn, fir esou séier wéi méiglech e militäreschen Amarsch ze maachen. Sécherlech kann een driwwer diskutéieren, ob een déi Resolutioun 1284 nach ëm e puer Punkten erweidert.

Da muss et drëm goen, fir esou séier wéi méiglech déi Waffeninspekteren erëm an d'Land zréckzeschécken. Ech mengen awer, datt ee kann dovun ausgoen - sécherlech muss een ëmmer virsiichteg sinn, wann et dorëm geet, Aussoen ze jugéiere vun engem Diktator oder vun esou engem Régime wéi dee vum Irak -, datt een trotzdeem éischt optimistesch Zeeche konnt erkennen, wann een d'Wierder gelauschtert huet vum Chefwaffeninspekter, dem Här Blix. Ech hunn d'Impressioun gehat, datt dee Mann Optimismus ausgestrahlt huet an datt eng Chance besteet, fir zu engem diplomatesche Konsens ze kommen, fir datt d'Waffeninspekteren kënnen erëm zréckgoen an och alles ënnersichen. Op alle Fall schéngt dat mer de Wee ze sinn.

Mee derbäi, an do kommen ech dann zum drëtte Punkt, mengen ech awer, datt een och misst iwwer eppes anescht diskutéieren am Kontext vun enger neier Resolutioun, nämlech, datt et muss an d'Richtung goen, fir iwwer Sanktioune géint den Irak ze diskutéieren, Sanktiounen, déi virun allem d'Zivilbevölkerung treffen. Ech schwätzen do haaptsächlech vun de Medikamenter, och vun anere Saachen, wou d'Zivilbevölkerung am Irak immens drënner Leit, an och doriwwer, ob een eenzel Sanktiounen, déi deemools geholl gi waren, net ophieft. Well, wa mer d'Zivilbevölkerung weider am Irak am Elend loossen an am Misär, da soen ech Iech, dat ass déi beschte Garantie, datt den Diktator Hussein nach laang am Irak um Pouvoir ass. An dofir muss doriwwer diskutéiert ginn, wann een iwwert d'Resolutioun schwätzt an iwwer hir Reform.

Ee véierte Punkt ass - dat ass schonn ugeschnidde ginn, dofir kann ech séier iwwert deen ewechgoen -, datt eng militäresch Interventioun, eiser Meenung no, een immense Problem wäert stellen, oder an där Regioun zum aktuellen Zäitpunkt géif stellen, datt mer de Risiko lafen, datt mer déi ganz Regioun total destabiliséieren, well mer jo scho gesinn, wéi héich dat Geforepotential, dat Konfliktpotential duerch de Palästinakonflikt ass. Ech woen net mer virzestellen, wat et bedeit, wann do eng massiv militäresch Interventioun géif stattfanne bei all deenen ongeléisten Konflikter, déi mer haut do hunn.

Doriwwer eraus stellen ech mer d'Fro, wat d'Zil soll sinn am Moment vun esou enger Interventioun. Mer hunn de Moment Problemer an deene Länner, wou militäresch Interventioune waren, wou

glécklecherweis d'Regimer net méi do sinn, wou mer mussen als Weltgemeinschaft eng militäresch Präsenz garantéieren a wou ee gesäit, wéi schwiereg et ass, fir do Uerdnung ze behalen: Bosnien, Kosovo, Afghanistan. Ech gesinn iwwerhaapt net, wat hei soll d'Zil sinn, well ech en plus net gesinn, wat duerno soll kommen a wéi ee kënnt an deem Land, souguer wann een et géing ronn bréngen, fir relativ schnell duerch eng militäresch Aktioun deen Diktator ze entmachten, eppes aneres amplaz setzen.

Fënnefte Punkt: Mer mussen als éischt Zil, ier mer iwwer aner Schrëtter nodenken, kucken, fir Rou an déi Regioun ze kréien. An do ass de Palästinakonflikt een, deen eis genuch scho beschäftegt, wou mer mol musse kucken, fir d'éischt eng Léisung mol ze fannen, déi, wa mer se bis fonnt hunn, eiser Meenung no, vill dozou wäert bäidroen, fir esou Diktatore wéi den Hussein nach méi ze isoléieren, och an der Regioun.

Sechste Punkt ass de Risiko, dee mer lafen, wa mer eng militäresch Interventioun maachen, fir d'Weltekonomie. Et brauch ee jo nëmmen ze beobachten, - mer si jo lo schonn an enger Rezessioun -, wéi nervös d'Weltfinanzmäert am Moment op all Eventualitéit reagéieren, datt eng militäresch Interventioun kënnt stattfannen, fir eis virzestellen, wat passéiere géif op de Weltfinanzmäert a wat dat fir Konsequenzen hätt fir all eis Ekonomien. Dir konnt och dës Woch am Spiegel liesen, wéi geschätzt gëtt vun den Experten, wéi héich de Barrel Pëtrol an d'Luucht schnelle géif, wann dat géing passéieren, a wat fir Konsequenzen dat hätt. Och dat ass en Argument, fir dofir ze warnen.

Siwenstens: Mer stelle fest, dass et bei deem Krich och ëm Uelegfelder geet. Ech wëll just ee Stéchwuert soen, fir däitlech ze maachen, wéi wichteg datt et ass, datt mer dat ëmsetzen, wat mer als Gréng scho laang verlaangen, nämlech, datt mer endlech aus der Ofhängegkeet vun de fossille Brennstoffer erauskommen, vum Ueleg erauskommen, datt d'alternativ Energië massiv musse gefördert ginn. Ech mengen, eleng dat Beispill beweist dat zur Genüge.

Här President, ech hunn net méi Zäit. Ech wëll just zu der Motioun vun der LSAP soen, well ech déi scho gesinn hunn an déi aner nach net: Mer wäerten eis bei där Motioun enthalen. Mer fannen, datt, wat do dra steet alles richteg ass, mee mir si prinzipiell der Meenung, datt zu dësem Zäitpunkt iwwerhaapt net dierft Rieds goe vun enger militärescher Interventioun. Dofir kënne mir d'Motioun och net stëmmen. Mer hätte se gestëmmt, wann do nach ee Passus hannendru gestanen hätt, datt à ce stade eng militäresch Interventioun iwwerhaapt net dierft a Fro kommen. Dofir wäerte mer eis bei där Motioun hei enthalen.

Zu där Motioun vum Här Rippinger kann ech mech net äusseren, well ech se nach net gesinn hunn. Zu där wäert ech duerno Stellung huelen. Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Leschten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Här Président, déi Debatt hei ass gefrot gi vun der LSAP-Fraktioun. Virdru schonn hat ech am Numm vun de Lénken eng Question urgente un d'Madame Minister gestallt, vun där de Caractère urgent net unerkannt ginn ass, an déi och bis elo nach net schréftlech beäntwert ginn ass. Ech hat och gefrot, datt d'aussepolitesch Kommissioun sollt zesummekommen. Déi Réunioun huet de 26. September stattfonnt, wou mer eng Entrevue mat der Madame Minister hate virun hirer Rees op New York.

An där Entrevue, wéi och bei Presseartikelen, déi duerno ze liese waren, konnt een awer net erausfannen, wéi definitiv d'Regierung géif zu enger bewaffneter Aktioun stoen. Dat ass awer keng hypothetesch Fro, dat ass déi kruzial Fro, well bei der neier UNO-Resolutioun, iwwert déi am Moment tëschent de Veto- Mächten am UN-Sécherheetsrot verhandelt gëtt, geet et jo ebe genau ëm d'Autorisatioun fir e militäreschen Asaz, wéi e vun den USA a vu Groussbritannien gefrot gëtt. Et ass awer och gesot ginn, datt d'rechtlech Basis fir eng Missioun elo direkt dohinner ze schécken, gi wier, esou datt ee sech wierklech freet, firwat do iwwer eng nei Resolutioun soll verhandelt ginn, wann et net drëm geet, fir iwwert dee Wee, direkt oder indirekt, verschiddene Länner d'Méiglechkeet ze ginn, militäresch ze intervenéieren, ouni e weidert Mandat vun der UNO.

D'UNO-Charta gesäit de Gewaltverzicht vir vun alle Länner zu Gonschte vun der UNO, ausser am Fall vun der légitime défense. Eleng d'UNO huet d'Recht, eng Gefor fir de Fridden oder eng Aggressioun festzestellen an als allerlescht Moossnam, als allerlescht Moossnam, wëll ech betounen, eng militäresch Aktioun an d'A ze faassen, déi se awer virrangeg selwer kontrolléieren a féiere soll. Esou seet d'UNO-Charta dat an hirem Kapitel, ech mengen et ass de Kapitel 5.

Déi Motioun, déi vum Här Asselborn virgeluegt gouf, fuerdert de Verzicht op all Aktioun ouni UNO-Mandat an ënnersträicht zu Recht d'Primautéit vum internationale Recht. Et muss een awer gesinn, datt de Moment ee massiven Drock ausgeübt gëtt vun der amerikanescher Regierung, an dat mat alle Mëttele vun der moderner Mediebeaflossung. De sozialistesche Fraktiounschef Ayrault huet am franséische Parlament geschwat vun enger Croisade aux accents de télé-évangélistes, fir iwwert dee Wee vun enger neier UNO-Resolutioun dann dach nach de Virwand ze kréien - wéi ech dat elo virdru gesot hunn -, fir militäresch anzegräifen. A wann dat net de Fall soll sinn, behalen d'Amerikaner sech d'Recht vir, dann ouni UNO-Mandat awer eng Aktioun ze maachen.

Dofir mengen ech, datt och - an dat wëll ech kritiséieren un där Motioun, déi eis virgeluegt ginn ass - eng militäresch Aktioun, déi géif zustane kommen op Grond vun enger neier UNO-Resolutioun, ënnert deenen Ëmstänn fir eis inacceptabel wier. Et liest een hei an do, datt d'Franzousen amgaang si sech zouzebewegen op d'Haltung vun den Amerikaner. Vun de Russen a vun de Chinesen héiert een net vill de Moment. Ech stelle mer wierklech d'Fro, wat fir ekonomesch Interesse vun enger Rei vu Membere vum Sécherheetsrot, an net nëmme vum Sécherheetsrot, an där doter Fro wäerte schlussendlech den Ausschlag gi fir eng nei Décisioun.

Wann d'UNO dem Drock nogëtt, dann ass d'Barrière an Zukunft ganz niddreg fir vill Länner, fir sech selwer hiert Recht ze maachen. Dann dominéieren d'wirtschaftlech Interessen op nach vill méi eng eklatant Aart a Weis. Ze fäerten ass eng Explosioun am Noen Osten tëschent Palästina an Israel. Ze fäerte si mëttelalterlech Reliounskricher vu schlëmmster Aart. Ech sinn dofir der Meenung, an ech soen dat hei ganz däitlech: Et däerf kee Krich géint den Irak ginn. Och net mat engem UNO Mandat.

Ech bréngen do en Amendement zu där Motioun herno eran.

Aus humanistescher a pazifistescher Siicht däerf et net zu engem Krich géint den Irak kommen. Fir mech sinn déi Argumenter nach ëmmer ausschlaggebend. De Saddam a seng Marionettë ginn als Schéissbudefiguren de Moment der Öffentlechkeet virgefouert. Si eegnen sech ganz gutt duerfir. Si verdénge sécher eis Oflehnung an eis Veruechtung, mee d'Televisioun soll emol méi dack Biller weise vun de Leit an de Stroosse vum Irak, dem antike Babylon, enger vun deenen eelsten Zivilisatioune vun der Welt.

Dat si Leit wéi mir. Dat si keng Leit mat gréngen Uniformen a si heeschen och net all Saddam Hussein. Ënnert hinne si mat Sécherheet Zéngdausende vun zukünftegen Affer, wann emol eng Kéier amerikanesch Bommen an eventuell europäesch Bommen géife falen. Ech mengen duerfir, dass een dat muss verhënneren, dass een d'Verantwortung net eleng de Regierungen däerf iwwerloossen. Mir sollten zesumme mat de Leit den 19. Oktober an der Stad demonstréieren, wou eng Friddensdemonstratioun géint de Krich am Irak stattfënnt.

Mäin Amendement zu der Motioun Asselborn wier zum Schluss e Saz einfach nëmme bäizefügen. Et steet jo do: "de s'abstenir au soutien de toute action non couverte par un mandat du Conseil de Sécurité des Nations Unies". Ech géif dat gären e bëssen ausgewäit gesinn. Ech schloe vir, do dran ze schreiwen: "de demander à la France, ainsi qu'à tous les membres permanents ou non permanents du Conseil de Sécurité de s'opposer à toute action militaire non justifiée d'après le droit international." Ech mengen, dass op jidde Fall de Moment eng Aktioun nom Droit international absolut net justifizéiert ass.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo d'Mme Ausseminister Lydie Polfer.

**Mme Lydie Polfer**, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir fir d'éischt, dem Här Asselborn merci ze soen, dass en eis d'Geleeënheet haut gëtt ganz öffentlech iwwer e Problem ze schwätzen, deen eis an deene leeschte Wochen a Méint ganz vill beschäftegt huet an nach wäert an deenen nächste Méint beschäftegen.

E ganz seriöse Problem, iwwert deen ech schonn de 26. September an der Chamberskommissioun vun den Affaires étrangères mat de Membere geschwat hat, a wou mir haut kënne ganz öffentlech doriwwer schwätzen. Ëm wat geet et? Et geet em d'Gefor, déi vum Irak ausgeet, net nëmme fir den Irak selwer, mee fir d'ganz Regioun, an domat fir d'international Communautéit. A wann ech hei deene verschiddenen Interventiounen nogelauschtert hunn, da stellen ech mat Freed fest, datt mir eis bei der Analys vun deem Regime am Fong, vläicht mat Ausnahm vun dem Här Urbany senger Analys, ganz eens sinn.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Wat de Regime ugeet ass do guer kee Problem.

**Mme Lydie Polfer**, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Da sinn ech ganz frou, merci.

Datt mir an der Analys eis also ganz eens sinn iwwert d'Gefor, déi vun deem Regime ausgeet, och fir hir eege Leit, iwwert d'Grausamkeet vun deene Methoden, déi do gebraucht ginn. Iwwert d'Zil, wat mir wëllen erreechen, mengen ech, si mir eis och ganz eens. D'Zil muss den Désarmement vum Irak sinn. Och do hunn ech keng aner Stëmmen hei héieren a kann d'Unanimitéit feststellen, e ganz grousse Konsensus. Mee wou ee muss méi laang driwwer schwätzen, dat ass: Wéi erreeche mir deen Désarmement? Mat wéi enge Moyenen? Et ass evident, datt mir alleguer wëllen an hoffen, an alles wäerte maachen, fir dat iwwert diplomatesch Weeër fäerdeg ze bréngen. Dat kann een nëmme fäerdeg bréngen, wann d'Pressioun vun der internationaler Communautéit, duergestallt duerch de Conseil de Sécurité, esou staark ass, dass den Irak sech effektiv deene Konditioune pliéiert.

Wat ass an deem Kontext an deene leschte Wochen a Méint geschitt? Nodeem am Ufank vum Summer d'Diskussioun besonnesch an Amerika op verschidden Héichpunkte komm ass, mat deene mir an der Analys op alle Fall sécher net ëmmer d'accord waren, huet sech awer am Discours vum 12. September vum President Bush, virun de Vereenten Natiounen, eppes erausgeschielt, wat mir hu misse begréissen. Dat ass, dass de President Bush dee Moment ganz kloer gesot huet, dass och si géinge mengen, datt de Konflikt mam Irak, den Désarmement vum Irak, misst am Kader vun den Nations Unies behandelt ginn.

Déi ganz international Communautéit, déi zu New York dee Moment war, huet dat begréisst an ënnerstëtzt. A wann och freides, dat heescht den Dag drop, den Irak nach gesot huet, d'Inspektere kënnte roueg erëmkommen, awer nëmme wann d'Sanktioune virdrun opgehuewe wieren, dat heescht, wann den Irak also am Ufank, nach eng negativ Haltung hat, esou hu se awer zu engem bessere Wee fonnt de 16. September, véier Deeg méi spéit, wou si sech bereet erkläert hunn, d'Inspekteren effektiv nees eranzeloossen. D'Diskussioune sinn domat den 30. September vum Här Blix, dee jo hei schonn ernimmt ginn ass, opgeholl ginn, wou zu Wien versicht ginn ass, d'Konditioune festzeleeën, fir dass d'Inspektere kënnten erëmkommen.

Dräi Punkte sinn opstoe bliwwen. Dat ass éischtens den Accès zu de Palais présidentiels. Dat ass zweetens d'Sécherheet, déi d'Inspection aérienne géing kréien, well d'Inspektioune ginn och duerch Fligere gemaach. An drëttens d'Konditiounen ënnert deenen d'Inspektere kënnte mat Iraker schwätzen en l'absence vu Responsabele vun der Regierung.

Déi Punkte stoungen nach op. Den 3. Oktober - an ech versichen et kuerz ze maachen an net ze vill an den Detail ze goen - huet den Här Blix iwwert déi do Négociatiounen dem Conseil de Sécurité Bericht gemaach an huet selwer gefrot, fir méi prezis Konditiounen a Modalitéiten ze kréien, fir déi Inspektiounen nees opzehuelen. Hien huet den Dag drop de Colin Powell an d'Condoleezza Rice zu New Washington gesinn. Et gëtt de Moment eng Eenegkeet am Kader vun dem Conseil de Sécurité vun den Nations Unies fir ze soen, datt d'Konditiounen, ënnert deenen d'Inspektere missten zréckgoen, misste festgeluegt ginn. De Wording vun deene Konditiounen an de Wording vun där Resolutioun, obschonn do och am Laf vun de Wochen alt nees eng Kéier iwwert d'Wichtegkeet vun esou enger Resolutioun geschwat ginn ass, ass de Moment, mengen ech, op deem Punkt, wou déi ganz international Communautéit effektiv wëllt déi Konditioune fixéieren.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Wéi dee Wording awer elo genau wäert ausgesinn, dat weess de Moment nach keen. Mir kennen déi zwou Schoulen. Déi eng, déi, loosse mir soen, vun den Amerikaner vertruede gëtt a vun den Englänner ënnerstëtzt gëtt, fir eng ganz ferm Resolutioun ze maachen, wou wa méiglech schonn d'Sanktiounen hannendru virgesi sinn, dat heescht, wou e gewëssen Automatisme virgesi wier, fir wann déi Konditiounen net géinge vun den Iraker respektéiert ginn, datt da kënnt direkt eng Aktioun gemaach ginn.

Deem opposéiert sech awer e groussen Deel vun dem Conseil de Sécurité, ganz besonnesch Frankräich a Russland. De Moment gëtt doriwwer verhandelt.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Ech géif awer e bëssen ëm méi Opmierksaamkeet bieden. D'Ministesch beméit sech hei alles ze explizéieren. Si huet Froe gestallt kritt an da gëtt hei viru geschwat, wéi wann iwwerhaapt näischt wier. Ech bieden ëm e bësse méi Respekt an Opmierksaamkeet.

**Mme Lydie Polfer**, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Ech konnt opgrond vun deene Gespréicher, déi ech de leschte Freideg zu Washington mam Colin Powell a mat anere Responsabele gefouert hunn, zur Iwwerzeegung kommen, dass de feste Wëlle besteet e Konsensus ze sichen, e Konsensus iwwert eng Resolutioun am Kader vum Conseil de Sécurité. Dat ass dat, wat mir all wëllen. Dat ass dat, wat mir all ënnerstëtzen, well wéi gesot, d'Pressioun op den Irak, dass se iwwert diplomatesche Wee, dat heescht ouni missen zu militäreschen Aktiounen ze gräifen, wierklech sech deene Konditioune pliéieren, kann nëmmen erreecht ginn, wann d'international Communautéit ganz gëeent an dëser Affär virgeet.

Well wa se et net géinge maachen, da muss ee sech effektiv d'Fro stellen: Léisst een déi Gefor am Raum stoen? Mir hoffen natierlech, dass mir net an déi Situatioun kommen, mee wann ee géing dra kommen, da muss ee sech senge Responsabilitéite bewosst sinn.

Wann et eis eescht ass, fir ze soen: Mir wëllen a mir hoffen, datt duerch déi diplomatesch Pressioun, déi vun der ganzer internationaler Communautéit ausgeübt gëtt, déi Situatioun vun enger militärescher Aktioun ze vermeiden ass, da solle mir eis och dorop konzentréieren, well mir sinn eis alleguer - an dat ass vun e puer Riedner hei zu Recht gesot ginn - deene Geforen op den Equiliber vun der ganzer Regioun bewosst, déi vun enger eventueller militärescher Aktioun kënnten ausgoen, a wat dat als Effeten op de Rescht vun deene aneren arabesche Länner kënnt hunn; duerch wat e Regime, deen elo deen ass, dee mer kennen, géing ersat ginn; wou déi demokratesch Elementer wieren, déi eng nei irakesch Gesellschaft kënnten opbauen.

Dat sinn alles Froen, gleeft mer, déi vun deene politesche Responsabelen, mat deenen ech an deene leschte Wochen a Méint geschwat hunn, ganz eescht geholl ginn. Souguer an Amerika! Ech konnt do mat Senateure schwätzen, déi sech déi dote Froen och stellen, an déi ginn och am Senat an am Kongress gestallt. D'Fro, hoffen ech, virun déi mir net gestallt ginn, ass: Wann all déi Pressioun näischt hëlleft a wann den Irak net kooperativ ass, wat geschitt dann?

Duerfir géing ech lech recommandéieren éischter déi Motioun ze ënnerstëtzen, déi den Här Rippinger an den Här Wiseler ënnerschriwwen hunn. Dës Motioun ass an deenen allermeeschten Elementer déi nämlecht wéi déi, déi den Här Asselborn presentéiert huet. Firwat soll een déi vun den Häre Rippinger a Wiseler ënnerstëtzen? Wat sinn déi kleng Nuancen? Éischtens, feelen e puer Remarken op Resolutiounen, zum Beispill an der éischter Motioun op d'Resolutioun 1154, déi iwwert d'Palais présidentiels. Si ass mir effektiv och, an dat huet den Här Bausch och hei ënnerstrach, schon e bësse zevill op dat Militärescht opgebaut.

Wann et eis eescht ass, esou wéi et och an Ärer Motioun steet, Här Asselborn, datt mer den diplomateschen Efforten wëllen all Chance ginn, da muss ee sech d'Méiglechkeet ginn ze verhandelen an dorop dee ganzen Akzent leeën. A wann dat dann éieren net géing zu engem positiven Ausgang kommen, da misste mer natierlech hei hinner zréckkommen an dee Moment eis Responsabilitéiten huelen.

Ech géing lech duerfir proposéieren, wann déi Häre d'accord wieren, datt een un déi Motioun, déi si virbruecht hunn, vläicht souguer nach géing e leschte Saz unhänken a soen: "de revenir immédiatement devant cette Chambre en cas d'échec des négociations au sein des Nations Unies." An dat direkt, wann dat, wat mir ënnerstëtze wëllen, net géing zu engem positive Resultat kommen, natierlech dee Moment wëssend, wat d'Resolutioun ass, déi mer de Moment net kennen. Et gëtt Elementer dovun, mee mir kennen d'Resolutioun net, well et ass nach keng Resolutioun établéiert ginn, a mer wësse virun allem net wéi den Irak sech behëlt, wann déi Resolutioun an engem éischte Stadium à l'unanimité géing ugeholl ginn.

Ech si positiv agestallt, datt se zu enger Resolutioun kommen, mee wat den Irak dann domat mécht, ob en d'accord ass ënnert deene Konditiounen d'Inspekteren eranzeloossen, dat kann ech lech haut mam beschte Wëllen net soen. A wéi wäit d'Inspekteren dee Moment kënne schaffen, kann ech lech och net soen. Duerfir ir een iwwer Saachen hei ofstëmmt, wou een nach net weess, ob se oder net antrieden, géing ech soen: Kommt mer ginn den Efforte vun der internationaler Communautéit all Chance déi néideg Pressioun auszeüben. Mir ënnerstëtzen déi. Eist Haaptzil ass d'Entwaffnung vum Irak, mee kommt mer ginn eis Zäit op d'Realitéiten, esou wéi se an den nächste Méint oder Woche wäerte sinn, gegebenenfalls ze reagéieren, wa mer all d'Elementer hunn.

**M. le Président**.- Den Här Bausch géing lech gären eng Fro stelle Mme Minister.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Wou wëllt Dir dee Saz elo hisetzen?

**Mme Lydie Polfer**, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Hannert „insister sur la nécessité". Dat ënnerstëtze mir mat all eise Kräften. Dat ass dat, wat ech an alle Forume bis elo gesot hunn. Ech wéilt nach gäre soen, well ech dat nach net gesot hunn: Et deet mer Leed, datt mer et net fäerdeg bruecht hunn, innerhalb vun deene 15, eng wierklech gemeinsam Haltung anzehuelen, well dat hätt eis Positioun gestäerkt.

Et ass awer elo nach net ze spéit, wa mer et fäerdeg bréngen, am Kader vum Conseil de Sécurité eng Resolutioun unzehuelen, déi vun alle 15 Memberen ënnerstëtzt gëtt oder vun der grousser Majoritéit, a besonnesch vun deene fënnef permanente Memberen. Da kënne mer d'Unitéit nees erëmfannen. Hannert "d'insister sur la nécessité que toute action menée en cette matière doit se faire sous l'égide des Nations Unies" steet eis Ënnerstëtzung. Wann awer elo dat net géing antrieden, wat ech net hoffen, mee wat awer net eleng an eisen Hänn läit, datt mer eis dann engagéieren direkt hei hinner zréckzekommen, fir iwwert déi nei Realitéiten ze befannen, wëssend dann, wou d'Responsabilitéite vun engem Non-accord leien.

**M. le Président**.- Mme Minister, den Här Ben Fayot géing Iech gären eng Fro stellen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Mme Buergermeeschter, pardon Mme Minister.

***(Hilarité)***

Dir wëllt schreiwen, dass keng Aktioun sech däerft maachen, déi net "sous l'égide des Nations Unies" gemaach géif ginn. "Sous l'égide", ass dat e Mandat oder eng Resolutioun vum Conseil de Sécurité? Ass dat domat geduecht?

**Mme Lydie Polfer**, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Jo, mee wann Dir e besseren Ausdrock hutt!

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Ech wollt Iech froen, de Sënn vun deem Wuert "sous l'égide" ass dat e Mandat?

**Mme Lydie Polfer**, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Mir ënnerstëtzen, datt gesicht gëtt all Aktioun am Kader vun den Nations Unies…

***(Interruption)***

Här Fayot, elo komme mer dann awer an den Detail. Ech hunn awer kee Problem domat. Ech kréie jo méi wéi 5 Minutten, Här President?

**M. le Président**.- Et ass an der Rei, Mme Polfer.

**Mme Lydie Polfer**, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Wat kënnt de Problem sinn? Mir schwätze jo hei iwwer eng Situatioun, wou mer de Moment net tous les tenants et aboutissants kennen. De Moment gëtt un enger Resolutioun geschafft, déi besonnesch zwëschent deene fënnef permanente Membere vum Conseil de Sécurité ausgeschafft gëtt. Ech hu virdru kloer gesot, wat déi eng gären hätten, an ech hu kloer gesot - an dat weess jiddfereen, dee sech e bësse mam Sujet ofgëtt -, wat déi aner net wëllen.

Kommen se elo zu enger klorer Resolutioun, jo oder neen? Wann et eng ganz kloer gëtt, dann ass d'Saach méi einfach. Eng kloer wier, wa just d'Konditioune géingen opgezielt ginn ouni eng Konsequenz vu Sanktiounen hannendrun. Et kënnt awer sinn - an dat ass heiansdo an der Diplomatie esou, an dat mécht d'Saach net méi einfach, do sinn ech natierlech d'accord -, datt eng Resolutioun erauskéim, wou deen een se géing esou liesen, an deen anere géing se anescht liesen.

An deem Moment kënnten zwou verschidden Aktiounen entstoen opgrond vun enger nämlechter Resolutioun. Wéi nenne mer dat dann? Déi eng soen: "Mir hunn e Mandat.", déi aner net. Ech wier frou, ech biede souguer drëm, dee Moment mat Iech nees iwwert déi Situatioun ze schwätzen, wa mer wëssen, wat ass d'Resolutioun, wéi interpretéieren déi eng se, wéi interpretéieren déi aner se. Dat hei sinn alles Diskussiounen, déi mer musse féieren, well mer net genau wëssen, wat et ass. Déi eng kënnen e Mandat dra gesinn an déi aner kënne keent dra gesinn. Mir mussen dee Moment awer Stellung huelen.

**M. le Président**.- Den Auteur vun der éischter Motioun, den Här Asselborn, huet d'Wuert.

**M. Jean Asselborn** *(LSAP)*.- Bon, an der Politik muss een heiansdo d'Saachen net méi komplizéiert maache wéi se sinn. Hei si mer elo an engem Engrenage dran, wou, mengen ech, mer eis op den eegene Schwanz trëppelen.

Dat éischt, dat ass ganz kloer: Mir wëllen alleguerten heibannen net - wann ech richteg verstanen hunn -, dass unilateral gehandelt gëtt. Dat huet den Här Rippinger, hunn d'Mme Minister an déi aner Kolleege gesot. Sou, mir wëssen, dass d'Charta vun den Nations Unies, den Artikel 51, kee Preventivkrich autoriséiert. De Conseil de Sécurité kann also kee Preventivkrich décidéieren, well deen net an der Charta dra steet.

Elo ass d'Fro un d'Lëtzebuerger Regierung ganz kloer déi heiten: Ass d'Lëtzebuerger Regierung domadder d'accord alles ze ënnerloossen, an där Saach do, bis en Optrag do ass vun den Nations Unies? Dat ass d'Fro. Jo oder Neen? Dat hu mer versicht an eis Motioun dran ze schreiwen.

Ech widderhuelen d'Fro nach eng Kéier: Ir eng Décisioun geholl ginn ass vun den Nations Unies, ass d'Lëtzebuerger Regierung bereet alles ze ënnerloossen bis eng Décisioun vu de Nations Unies do ass? Jo oder Neen? Dat steet an eiser Motioun. Ech mengen, mir sollten elo probéieren doriwwer ofzestëmmen.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- D'Mme Polfer huet während enger Véirelstonn iwwert déi Fro geschwat, déi den Här Asselborn elo just gestallt huet. Eng Véirelstonn laang huet se erkläert, wéi d'Positioun wär.

**M. Jean Asselborn** *(LSAP)*.- Ech mengen Dir waart net heibannen.

***(Interruption et coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Bausch.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Ech wëllt no deene leschten Erklärunge vun der Mme Minister e puer Prezisiounen hunn, fir datt et kloer ass, wat mer herno hei wäerten ofstëmmen, well dat ass eis wichteg.

Wann ech dat richteg verstanen hunn, dann ass déi Motioun, déi vun de Majoritéitsparteien erabruecht ginn ass, esou ze verstoen, datt, wann ënne steet déi Aktioun, déi hei zitéiert gëtt, datt dat sech op de diplomateschen Aspekt am Moment berifft an net op de militäreschen. Ass dat richteg? Hunn ech richteg verstanen, datt d'Regierung am Moment déi do Motioun an deem Sënn géing unhuelen an op den diplomatesche Volet limitéiert, an datt, wann dee soll échouéieren, datt se da frësch virun d'Parlament wëllt kommen, fir eng Debatt ze féieren, wat da soll geschéien?

**Mme Lydie Polfer**, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Genau.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Da kënne mir d'Motioun stëmmen, Här President.

**Une voix**.- Genau esou ass et.

***(Interruptions)***

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, "toute action", dat kann och schonn eng militäresch sinn.

**Une voix**.- Dat steet jo am Tiret virdrun: "en cette matière".

**M. le Président**.- Da wëlle mir elo zur Ofstëmmung kommen. Mir hunn zwou Motiounen. Mir komme fir d'éischt un d'Motioun vum Här Asselborn.

***(Interruptions)***

***Motion 1***

Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 1, déi vum Här Asselborn abruecht ginn ass.

***Vote***

Wie fir déi Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Et besteet keen Zweifel, d'Motioun 1 ass ofgelehnt.

Da komme mir zur Motioun 2 modifiée. Den neie Wuertlaut ass dee Folgenden:

***Motion 2 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*- rappelant les résolutions pertinentes du Conseil de Sécurité et notamment les résolutions 1154 et 1284 et insistant sur la nécessité que l'Irak se conforme entièrement et immédiatement aux termes de la résolution 1284 (1999) du Conseil de Sécurité,*

*- notant que le retour des inspecteurs du désarmement en Irak est la première étape pour donner l'assurance que l'Irak n'est plus en possession d'armes de destruction massive,*

*- prenant acte que l'Irak a accepté le retour sans condition des inspecteurs du désarmement de l'ONU et que les autorités irakiennes sont prêtes à examiner les arrangements pratiques indispensables à la reprise immédiate des inspections,*

*- estimant que la communauté internationale doit se montrer unie pour maintenir la pression sur l'Irak afin que les inspecteurs du désarmement de l'ONU puissent effectuer la mission qui leur est dévolue dans les meilleures conditions possibles et selon les termes des résolutions pertinentes,*

*- considérant que la nature instable de l'équilibre géopolitique régnant actuellement au Proche-Orient demande à ce que toute décision pouvant affecter davantage cet équilibre soit prise en tenant compte de cet arrière-fond,*

*- se félicitant du soutien des pays arabes qui ont fait pression sur les autorités irakiennes afin qu'elles acceptent les conditions des Nations Unies,*

*invite le Gouvernement,*

à œuvrer au sein des organisations internationales dont il est membre:

*- de continuer à exiger que l'Irak s'engage sans condition à appliquer strictement les résolutions de l'ONU dont celles relatives à l'interdiction des programmes irakiens de fabrication des armes de destruction massive,*

*- d'intensifier leurs efforts diplomatiques et d'explorer toutes les voies de règlement pacifique pour éviter une guerre en Irak,*

*- de soutenir les efforts entrepris au Proche-Orient et notamment par le Quartet tendant à apporter une solution pacifique durable à cette région dans son ensemble,*

*- d'insister sur la nécessité que toute action menée en cette matière doit se faire sous l'égide des Nations Unies,*

*- de revenir immédiatement devant cette Chambre et ses commissions en cas d'échec des négociations au sein des Nations Unies.*

***Vote***

Wie fir d'Motion 2 modifiée ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Et ass keen Zweifel, dass d'Motion 2 modifiée ass mehrheetlech ugeholl.

***(Interruptions)***

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Et gëtt och Enthaltungen, an dat si mir.

**M. le Président**.- Et ass an der Rei. Ech huelen dat zur Kenntnis.

Mir fuere weider mat eisem Ordre du jour a kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4977 zesumme mat der Proposition de loi 4908 iwwert d'Aide au Logement.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Dir Hären, d'Sitzung geet weider. Si ass nach net fäerdeg. Ech géing Iech bieden nach e Moment opzepassen. Mir schwätzen iwwert d'Aide au Logement. Et sinn ageschriwwen d'Häre Clement, Di Bartolomeo, d'Mme Beissel, d'Hären Henckes, Garcia an Urbany. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Haupert.

## 5. 4977 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement
## 4908 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement

**M. Norbert Haupert** *(CSV)*, rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deem laangen Ausfluch elo an den Irak, wëll ech erëm op eist Land zréckkommen, op e Sujet, deen e wéineg méi terre à terre ass, dat heescht de Projet de loi iwwert d'Hëllefe vum Wunnengsbau.

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG)*.- Den Zoustand vum Immobiliemaart.

**M. Norbert Haupert** *(CSV)*, rapporteur.- Nee, vum Wunnengsbau, net vum Immobiliemaart, Här Gira.

Ech mengen, de Problem vum Wunnengsbau, ass e Problem, deen an der leschter Zäit vill diskutéiert ginn ass. Ech ginn elo net op all déi Interventiounen, Interpellatiounen an Hearingen, déi mir an der Kommissioun haten, an. Ech wëll just soen, dass den honorable Mars Di Bartolomeo am Januar 2002 eng Proposition de loi, fir d'Gesetz vun 1979 iwwert d'Hëllef vum Wunnengsbau ze amendéieren, déposéiert huet,...

***(Coups de cloche de la Présidence)***

...dass am Juni de Logementsminister Fernand Boden e Projet de loi iwwer en ähnlechen Amendement déposéiert huet, dass mir dee Projet an d'Propositioun an der Chamberskommissioun a sechs Sitzungen diskutéiert hunn, dass mir d'Avise vun deenen eenzele Chamberen a vum Conseil d'Etat analyséiert hunn, an datt d'Kommissioun d'lescht Woch de Rapport, deen Der hei virleien hutt, an der Majoritéit ofgeseent huet.

D'Problemer vum Wunnengsbau - ech wëll se eng Kéier kuerz rappeléieren - leien op dräi verschidden Niveauen. Den éischten Niveau ass dee vun dem Uschaffe vum Eegenheem. De Problem ass deen, datt d'Leit, a besonnesch déi jonk Leit, sech et haut praktesch net méi kënne leeschten, fir sech en Eegenheem unzeschafen, dat besonnesch well d'Präisser vun de Bauterraine vill ze deier gi sinn. Dat läit besonnesch dorun, dass vill Leit awer, duerch de Wuelstand, dee mir an eisem Land kennen, egal welleche Präis kënnen akzeptéieren, an op där anerer Säit, well mir net genuch Terrainen hunn, déi op dem Maart offréiert ginn.

Firwat ginn net genuch Terrainen offréiert? Engersäits, well engersäits Leit op d'Hausse vun de Präisser spekuléieren an op där anerer Säit awer och, well verschidde Leit hir Terrainen net wëlle verkafen, well d'Besteierung vun de Plus-Valuë bis elo ze héich war. Do hu mir jo am Juli hei e Gesetz votéiert, wat während enger Period vun dräi Joer d'Besteierung vun de Plus-valuë géing reduzéieren, wou verschidde Leit bis zu 70% vun de Steieren, déi se misste bezuelen, kënnen aspueren, wann se an deem Délai vun dräi Joer hir Terraine verkafen.

Den zweete Problem ass dee vun de Mietwunnengen. Där hu mir net genuch bei eis um Maart. Firwat? Well et einfach net interessant genuch ass, fir an eng Mietwunneng, a besonnesch net an de Logement social, ze investéieren. Well einfach de Rendement, deen ee bei deem Investissement huet, net esou grouss ass wéi den Investissement an iergendwéi e Finanzprodukt. Zweetens, well besonnesch d'Gestioun vun engem "Investissement immobilier" vill méi zäitopwenneg ass mat de Problemer, déi de Propriétaire mam Locataire huet. Duerfir fanne mir net allze vill Intérêt um Maart. An deem Gesetz, wat mir am Juli gestëmmt hunn, ass virgesinn, fir déi Besteierung vun dem Loyer e wéineg ze reduzéieren, andeem datt besonnesch den "Taux d'amortissement accéléré", deen ee während deenen éischte Jore kann op enger Mietwunnenge applizéieren, vu 4 op 6% an d'Luucht gesat ginn ass.

En drëtte Problem läit méi um Niveau vun de Gemenge selwer, well d'Gemenge retizent si fir grouss "Projets d'ensemble" ze autoriséieren, well dat fir si herno Nofolgekoste mat sech zitt. Si mussen herno, well dat grouss Projete sinn, kucken, dass se Schoulen a Crèchë bauen, an dat si Finanzementer, déi verschidde Gemengen sech einfach net leeschte kënnen.

An deene leschte Jore si vill Moossnamen op dem Plang vum Wunnengsbau geholl ginn, besonnesch zënter dem Gesetz vun 1979, wat d'Hëllefen am Wunnengsbau festleet; e Gesetz, wat schonn eng etlech Mol hei amendéiert ginn ass; a besonnesch, mengen ech, zënter 1989, säit deem mir en eegestännege Wunnengsministère hunn.

Ech wëll elo net am Detail op déi eenzel Mesuren agoen. Dat kënne mir maachen am Kader vum "Débat d'orientation", dee mir nach féieren. Ech wëll hei just ernimmen, datt an deene leschten zéng Joer trotzdeem 1,2 Milliarden Hëllefen u Privatleit bezuelt gi sinn, wat ongefeier 50 Milliarden aler Frang ausmécht, datt besonnesch - ech fannen d'Zuel vun de Stéit muss een nach méi ervirsträichen - 29.000 Stéit vun der Kapitalsubventioun profitéiert hunn, 38.000 Stéit vun de Zënssubventiounen an 31.000 Stéit hu vu verbëllegten Taux de TVA profitéiert.

Déi kann een net alleguer zesummerechnen, well verschidde Leit ebe vun zwou Moossname profitéiert hunn, mee et kann een awer soen, datt méi wéi 50.000 Stéit vun deene Mesurë profitéiert hunn, datt praktesch bei eis am Land ee Stot vun dräi vun deene Mesurë profitéiert.

Haut hu mir e Projet virleien, deen am Fong geholl Moossname proposéiert am Kader vun deem Gesetz. Moossnamen, fir éischtens Problemer vun haut ze léisen, do denken ech besonnesch un déi Moossnamen um Plang vun der Kreatioun vun neie Wunnengen, an zweetens u Moossnamen, déi Problemer, déi mar op eis duerkomme kënnen, versichen ze évitéieren. Do denken ech besonnesch un déi Mesuren, déi geholl ginn zugonschte vun der "Mixité sociale" an d'Mesuren zugonschte vun der Wunnengsqualitéit an der Qualitéit vun den urbanistesche Strukturen.

Wat sinn d'Schwéierpunkte vun dësem Gesetz? D'Schwéierpunkte vun dësem Gesetz leien op dräi verschidden Niveauen: éischtens, um Niveau vum Accès zu enger Wunneng; zweetens, um Niveau vun der sozialer Mixitéit; drëttens, um Niveau vun der Realisatioun vu gutt konzipéierte Wunnengen an engem flotten an angenehmen urbanisteschen Ëmfeld.

Wat deen éischte Schwéierpunkt ubelaangt, do gesäit de Projet eng Rëtsch vu Moossname vir. Déi kann een e wéineg ënnerdeelen an déi Moossnamen, déi geholl gi sinn am Intérêt vun der Uschafung vun engem Eegenheem; zweetens, déi Moossnamen, déi virgesi si fir d'Förderung vun dem Bau vu Mietwunnengen; drëttens d'Moossnamen zugonschte vun de Leit, déi sech keen Eegenheem kënne leeschten an déi, wéi mir op Lëtzebuergesch soen, nach musse wunne goen; a véiertens, déi Moossnamen zugonschte vun de Gemengen.

Éischtens, déi Moosnamen, fir den Accès zum Eegenheem ze förderen. Do gëtt et zwou direkt Mesuren, déi am Gesetz virgesi sinn. Éischtens, d'Statsgarantie, déi de Stat ka gi fir Leit, déi musse Sue léine goen an net genuch Eegegarantien hunn, fir dass eng Bank hinne Sue léint. Déi Statsgarantie gëtt wesentlech an d'Luucht gesat. Si gëtt vun 12.500 Euro Index 100, wat de Bauindex ubelaangt, op 18.750 Euro an d'Luucht gesat, wat ëmmerhin haut e Betrag vun iwwer 100.000 Euro ausmécht.

Déi zweet Mesure ass déi, datt eng allgemeng Aféierung vun enger Hëllef fir d'Wunnengsbauspueren agefouert gëtt. Firwat déi allgemeng Hëllef fir d'Wunnengsbauspueren? D'Spueren ass eng vun de Konditiounen, fir dass een iwwerhaapt vun der Statsgarantie ka profitéieren, well fir vun der Statsgarantie ze profitéiere muss ee virweisen, dass ee während enger gewësser Zäit e gewëssene Betrag gespuert huet. An deene leschte Jore gouf et am Duerchschnëtt ongefeier 20 Stéit, déi vun där Garantie profitéiert hunn. Firwat? Well Leit, déi eng Demande gemaach hunn, am Fong geholl net konnten noweisen, dass se genuch gespuert hunn. Fir also d'Méiglechkeet ze ginn,

dass Leit sech erëm e wéineg méi un d'Spuere winnen, gesäit de Projet hei vir, dass all neigebuere Kand 100 Euro op e Spuerbuch gesat kritt, an der Hoffnung, datt se, bis datt se an den Alter kommen, wou si sech en Eegenheem wëllten uschafen, genuch Sue gespuert hunn, fir kënnen an de Genoss vun der Statsgarantie ze kommen.

Eng drëtt Mesure, déi awer net am Gesetz virgesinn ass, mee déi mer besonnesch herno an de Reglementer wäerten erëmfannen, ass déi vun der Erhéijung vun de Plaffongen. De Wunnengsbauminister huet duerchblécke gelooss, datt d'Plaffonge vun den Aiden an d'Plaffonge vun dem Akommes, deen een net däerf iwwerschreiden, fir vun den Aidë vum Stat ze profitéieren, kënnen an d'Luucht gesat ginn.

Deen zweete Wagon vu Mesuren ass dee vun der Förderung vum Bau vu Mietwunnengen. Do muss ee festhalen, datt de Projet virgesäit, fir den Taux vun der Aide, deen en öffentlechen oder e private Promoteur ka kréie fir de soziale Wunnengsbau, vu 40 op 70% an d'Luucht ze setzen. Déi kënne souguer 75% ausmaachen, wann den öffentleche Promoteur eng Gemeng ass.

Da gesäit de Projet vir, dass de Stat beim öffentleche Promoteur, deen an de Wunnengsbau fir Studenten, Stagiairen, Léierjongen a Léiermeedercher zum Beispill investéiert, ka bis zu 100% vun de Käschte mat subventionéieren. Bis elo war dat nëmme fir d'Friemaarbechter a fir d'Asylbewerber de Fall.

Här Henckes, à propos Friemaarbechter - an ech wëll vläicht do op Är Fro agoen -, ech mengen, mir hu jo laang an der Kommissioun iwwert dëse Projet diskutéiert, an et ass do kengem agefall, dass do e Problem soll si bei deem Wuert Friemaarbechter. Aus der einfacher Ursaach, well deen Ausdrock deemools agefouert gouf well en den Usage vum Ministère gerecht gouf: Am Fong geholl gouf déi Mesure getraff fir déi Leit, déi vu baussen eran an d'Land koumen an eng Wunneng gesicht hunn. Fir datt déi net vu profitsüchtege Propriétairen exploitéiert kënne ginn, déi se eventuell a Wunnenge gepfercht hätten, ass déi Mesure geholl gi fir datt hire Patron hinne kann eng Wunneng bauen an se do dezent logéiere kann. Duerfir war dat Wuert "Etrangers" bis elo ëmmer am Gebrauch an et stung och ëmmer esou an de Gesetzer. An der Kommissioun huet kee sech bis elo doru gestéiert. Duerfir sinn ech iwwerrascht, datt mir elo hei eng Diskussioun doriwwer solle féieren.

Eng drëtt Mesure läit doran, datt déi legal Basis geschafe gëtt, datt d'A.s.b.l.en an d'Employeuren, déi Mietwunnenge baue fir hir Aarbechter, Hëllefe bis zu 40% kréien, mat engem Plaffong vu 6.200 Euro pro Aarbechter. Déi véiert Mesure ass déi, datt d'Fondatiounen, d'Kierchefabricken, d'Hospices civils an den Office social, déi eng Konventioun mam Stat hunn, an déi Wunnengsbau am Kader vum Gesetz vun 1979 schafen, eng Hëllef bis zu 75% vum Stat kënne kréien. Dat alles also fir de Mietwunnengsbau an der Zukunft nach weider ze förderen.

Da kommen déi drëtt Moossnamen. Dat sinn déi zugonschte vun de Leit, déi am Fong geholl keng Méiglechkeet hunn, fir sech eng eege Wunneng unzeschafen. Dat gëtt et leider nach bei eis am Land. Dat si Leit, déi musse wunne goen an déi musse ganz oft eng héich "Garantie de location" bezuelen. Si mussen emol éischtens e Mount Loyer "d'avance" bezuelen. Zweetens, mussen si nach der Agence eng Kommissioun bezuelen, déi meeschtens ee Loyer ausmécht. Drëttens, mussen se praktesch dräi Méint Garantie virstrecken. Dat ass en Investissement, dee besonnesch fir Leit mat engem klengen Akommes schwéier ze droen ass. Do gesäit de Projet vir, datt de Stat an Zukunft kann eng finanziell Hëllef ginn, fir déi "Garantie locative" hëllefen ze droen.

Eng véiert Moossnam ass déi, déi besonnesch am Intérêt vun de Gemenge läit. Ech hat gesot, dass verschidde Gemengen e wéineg zréckhalend sinn, wat d'Autorisatioun fir gréisser "Projets de construction" ubelaangt, aus deenen Ursaachen, déi mir gesinn hunn. Duerfir ass hei am Projet virgesinn, datt, wann am Kader vun esou engem "Projet de construction d'ensemble" d'Gemeng muss nei Crèchen oder Schoule bauen, de Stat bis zu 50% un deem Finanzement kann deelhuelen.

Dann, wa Grénganlagen a Spillplaze gebaut ginn, erëm am Kader vun esou engem "Projet de construction d'ensemble", huet bis elo de Stat kënne 50% Hëllef fir déi Ausgabe bäisteieren. Déi Hëllef soll vu 50 op 70% an d'Luucht gesat ginn. An de Kader vun deenen Infrastrukturonkäschten, déi op d'Gemenge bei esou engem Projet zoukommen, wéi d'Kanalisatioun an esou weider, déi mat 50% subventionéiert ginn, ginn an Zukunft d'Infrastrukturkäschte fir d'Telekommunikatiounen a fir stätesch Heizungsanlagen mat erageholl.

En zweete Schwéierpunkt vum Projet ass deen, Moossnamen ze huelen, déi fir eng sozial Mixitéit an eise Wunngebidder an an eisen Uertschaften ze suergen. Dat sinn Aktiounen oder Moossnamen, déi dozou solle bäidroen, datt mir nach Quartieren hunn an Dierfer, wou Leit vun alle soziale Schichten aus eisem Land zesumme kënne liewen, wat jo e wesentleche Bäitrag zum soziale Fridden duerstellt. Se solle besonnesch verhënneren, datt mir Leit aus därselwechter sozialer Schicht a Ghettoen oder an Héichhaiser pferchen, mat deene Problemer, déi mir aus anere Länner kennen.

Wellech sinn déi Mesuren, déi am Projet virgesi sinn, fir dee soziale Mix ze favoriséieren? Eng éischt Mesure ass déi, dass de Projet virgesäit déi Konditioun, déi bis elo bestanen huet, wann e Promoteur e "Projet d'ensemble" wollt realiséieren a vun enger Hëllef vum Stat profitéiere wollt, dann huet e misse wéinstens an deem Projet 25 Unitéiten dran hunn, sief dat Wunnengen, wann et sech ëm Wunnengsbau gehandelt huet, sief dat Bauplazen, wann et sech ëm de Verkaf vu Bauplaze gehandelt huet, falen ze loossen. Aus der Ursaach, fir eben Hëllefe kënnen ze gi bei Unitéiten, déi am Fong geholl e wéineg méi kleng sinn a fir déi grouss Ghettoen, déi grouss Wunnkasären, déi mir aus dem Ausland kennen, ze verhënneren.

Dann ass awer eng zweet Mesure am Projet virgesinn, an zwar déi, fir kënne vun de staatlechen Hëllefen ze profitéieren, muss de Projet wéinstens 10% Mietwunnengen enthalen, fir datt mir an esou engem "Projet d'ensemble" nieft Propriétairen och nach Leit hunn, déi loune ginn.

Déi drëtt Mesure ass eng Mesure, déi awer elo schonn am Gesetz dran ass. Dat ass d'Konditioun, datt wéinstens 60% vun de Keefer vun esou engem Logement mussen ënnert d'Gesetz vun den Hëllefe fir de Logement falen. Déi Konditioun ass also bäibehale ginn, fir datt dee Mix, deen dës Mesure bezweckt, och an Zukunft ka garantéiert ginn.

Eng aner Konditioun, fir dee soziale Mix e wéineg ze favoriséieren ass déi, datt de Stat, d'Gemengen an d'Syndikater, déi an hirem Parc locatif eng Rei vu Wunnengen hunn, déi besonnesch vu méi héijer Qualitéit sinn oder duerch hir Situatioun e besonneschen Attrait duerstellen, bis zu 25% vun hire Wunnengen, déi ënnert déi Konditioune falen, kënnen zu den normale Konditioune vum "Bail à loyer", an net zu de Konditioune vum Gesetz vun 1979 iwwert de soziale Wunnengsbau, verlounen. Dat, fir de Gemengen d'Méiglechkeet ze gi Wunnengen aus hirem Parc immobilier u Leit kënnen ze verlounen, déi méi en héije Loyer kënne bezuelen. Och doduerch soll de soziale Mix nach méi gefördert ginn.

En drëtte Schwéierpunkt läit an der Realisatioun vu gutt konzipéierte Wunnengen an engem flotten an angenehmen urbanisteschen Ëmfeld. Dat besonnesch mam Zil, fir d'Liewensqualitéit vun de Leit vun haut ze verbesseren, a besonnesch d'Liewensqualitéit vun de Leit vu mar weider ze garantéieren. Dës Moossnam huet zum Zweck, ze verhënneren, datt mir net op där enger Säit Schlofgemeinschafte bauen an op där anerer Säit "Zones d'activité", mat Grousskafhaiser oder Industriezonen. Duerfir soll ee kucken, datt een an enger Uertschaft e gesonde Mix tëschent den Haiser, de Geschäfter, den Administratiounen an de Gréngfläche ka garantéieren a besonnesch, datt een eng Uertschaft oder e Quartier baut, dee kannerfrëndlech, alters- a behënnertegerecht orientéiert ass. Dat ass deen drëtte Schwéierpunkt, deen an dësem Projet de loi virläit.

Wat sinn do déi Moossnamen, déi virgesi sinn? Éischtens emol ass do de "Carnet de l'habitat", deen als eng vun de Mesuren an d'Gesetz ageschriwwe ginn ass. Zweetens, d'Méiglechkeet, datt een d'Hëllefe vum Stat kann differenzéieren nom Verbrauch vum Terrain. Bis elo war et esou, datt d'Hëllefe vum Stat am Fong geholl nëmme konnten differenzéiert ginn nom Kritär vum Revenu vun deem, deen d'Demande gestallt huet, oder nom Kritär vu senger Familljesituatioun. An der Zukunft soll nach de Kritär vum Verbrauch vum Terrain mat erageholl ginn.

Eng drëtt Mesure oder Moossnam, déi de Projet hei virgesäit, ass net geduecht fir dem Fonds de logement seng Pouvoiren ze erweideren. Et handelt sech ëm Aufgaben, déi de Fonds de logement bis elo realiséiert huet, dat heescht, wou e gesuergt huet, datt a "Projets d'ensemble", déi hie gemaach huet, sief et an der Sauerwiss oder zu Eech, e gesonde Mix vu Wunnengen, Geschäftshaiser an Administratiounen erakéim, fir dem Projet deen urbanistesche Charakter ze ginn, deen en am Fong geholl misst kréien. Duerfir ass an dësem Gesetz och virgesinn, fir d'Attributioune vum Fonds de logement anescht ze definéieren.

Déi eenzel Beruffschamberen, dat sinn d'Chambre de Travail, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an d'Chambre des Métiers, hunn en Avis zu dësem Projet ofginn: Avisen, déi heiansdo ganz kritesch sinn, Avisen, déi awer am grousse Ganzen hiren Accord zu dësem Projet ginn. D'Hëllefen, déi déi öffentlech Promoteure weider kréien, si besonnesch begréisst ginn, well d'Chambere mengen, datt dat haaptsächlech déi Mesurë sinn, déi op d'Offer vu Logementer op dem Maart kënne spillen. De Carnet de l'habitat ass begréisst ginn. D'Moossname zugonschte vun der Wunnengsqualitéit a vun der Liewensqualitéit an eisen Uertschaften, an d'Extensioun vun de Missioune vum Fonds de logement si positiv bëuecht ginn. Déi eenzeg skeptesch Note, déi besonnesch a verschidden Avisen ze fannen ass, berout op der Aféierung vun enger "Aide d'épargne-logement généralisée". Dat heescht déi 4.000 Frang fir all neigebuere Kand.

De Conseil d'Etat huet sech och mat dem Projet ausernee gesat. Hien huet fonnt, datt et e gudde Projet ass. Hien huet awer gesot, andeems datt hie sech op d'Propositioun vum Här Mars Di Bartolomeo deelweis referéiert huet, et hätt een nach kënnen aner Moossnamen an dee Projet erafléisse loossen, ënner anerem d'Förderung vun der Location-vente, déi am Fong geholl am Gesetz haut schonn dra steet. Dann och nach d'Stimulatioun vun de privaten Investissementer an de Wunnengsbau. An drëttens, d'Liberalisatioun vun de Baulandreserven, déi dem Stat gehéieren.

De Kolleeg Mars Di Bartolomeo huet a senger "Proposition de loi" verschidde Moossname proposéiert, déi deelweis an dësem Projet dra sinn. Anerer sinn net mat iwwerholl ginn. Ech wollt ganz kuerz déi Moossname vläicht resüméieren. Déi Moossname betreffen éischtens d'Kreatioun vun engem "Observatoire du marché du logement". Esou en Observatoire war iwwregens och - an duerfir sinn ech frou, Här Di Bartolomeo, datt Dir dat hei dra geschriwwen hutt, dat gëtt mir d'Méiglechkeet ze soen, datt de Projet de loi esou en Observatoire och virgesinn hat, mee de Statsrot gesot huet, mir sollen deen eraushuelen. Dat wier eng Missioun, déi ganz wichteg wier, mee déi soll am Kader vum Ministère kënne gemaach ginn.

Da kommen ech op Är aner Mesuren ze schwätzen, déi an der Proposition de loi stinn, do geet et besonnesch ëm d'Augmentatioun vun der Offer vu Bauterrainen a vu Wunnengen zu erschwingleche Präisser; ëm eng Augmentatioun vun de Statshëllefen un d'Gemengen, déi jo am Projet de loi mat dran ass; da besonnesch d'Förderung vun der Formule location-vente, wou de Statsrot drop agaangen ass; eng Augmentatioun vun de Hëllefen un d'Stéit, déi jo net direkt hei am Projet de loi steet, mee den Här Di Bartolomeo hat déi a senger Propositioun direkt am Gesetz virgesinn, déi awer an engem "Règlement grand-ducal" geholl soll ginn, a wou de Wunnengsbauminister jo gesot huet, datt en déi géing an d'Luucht setzen.

Da gëtt et nach eng Erhéijung vun der Statsgarantie, déi jo och am Projet dran ass. Dann d'Allocation de loyer, wou awer d'Regierung, déi jo eng "Prise de position" zu dëser "Proposition de loi" gemaach huet, der Meenung ass, dass mer déi net solle berücksichtigen, well déi herno sech erëm géing an dem Loyer, dee gefrot géif ginn, erëmspigelen. Dat heescht dee géing dann automatesch an d'Luucht goen. Dann hat den Här Di Bartolomeo nach eng Extensioun vun der Missioun vum Fonds de Logement virgesinn.

***(Interruption)***

Dat ass e ganz flotten Numm. Mir hunn ëmmer Schwieregkeeten, fir dat richteg auszedrécken. Jo, dat ass einfach, mee et geet net ëmmer.

Voilà, ech géing soen, dass awer e groussen Deel vun deene Mesuren, déi an der Propositioun enthale sinn, hei am Gesetzesprojet och erëmfonnt ginn. D'Kommissioun huet sech och an hirer Majoritéit der Stellungnahm vun der Regierung ugeschloss. Si huet och de Rapport, deen zu deem Projet gemaach ginn ass, majoritär ugeholl. Si proposéiert der Chamber den Text, esou wéi en hei virläit, ze stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et ass vläicht well et relativ ongewinnt ass, datt en Auteur vun enger Proposition de loi direkt däerf nom Rapporteur zu engem Projet de loi schwätzen, obwuel dann et e bësse méi schwiereg ass, fir d'Suite mat eriwwer ze huelen. Mee ech soe merci der Kommissioun, datt mer op deen do Wee konnte goen, an datt och déi parlamentaresch Initiativ, déi am Rahme vun den Diskussiounen iwwert de Wunnengsbau abruecht ginn ass, hei an dëser Chamber ka presentéiert ginn an den Deputéierten d'Méiglechkeet gëtt, fir hir Meenung dozou ze soen an herno beim Vote dozou Faarf ze bekennen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well datt et zu Lëtzebuerg eng regelrecht Präisexplosioun am Bausecteur gëtt, well d'Bauplazen an deene leschten zéng Joer zwee- bis dräimol esou deier gi sinn, well de Präis vum Wunne sech verduebelt huet, well d'Wunnen hei zu Lëtzebuerg amgaang ass zum Luxusartikel ze ginn, well et net genuch Wunnenge gëtt, a well déi Wunnengen, déi et gëtt, ze deier sinn, well fir Leit, dat vill beschwuerent Recht op eng dezent Wunneng zum Dram oder zum Alpdram gëtt, well d'Regierung dës Evolutioun, an ech soen dat nach eng Kéier, ouni datt dat falsch verstane soll ginn, dës Entwécklung regelrecht verschlof huet, hat ech am Numm vun der LSAP-Fraktioun viru bal annerhalwem Joer d'Regierung zu der Problematik am Wunnengsbau interpelléiert.

Eis Virschléi, an dat ass och ongewinnt, goufen net ofgelehnt, mee si sollten eis als Basis dénge vun där Orientéierungsdebatt, déi d'Chamber décidéiert huet an déi an der Logementskommissioun an der Zwëschenzäit säit enger Rei vu Méint leeft, iwwer eng Rei vu ganz interessanten Hearingen.

Eis Debatten an der Chamber hunn also dozou bäigedroen, datt Bewegung an de Wunnengsbaudossier komm ass. Mir hunn aus dësem Thema hei an der Chamber en Thema schlechthi gemaach, an dat ass och gutt esou.

D'Regierung huet hiren Aktiounsprogramm virgeluegt. Mir hunn eng Proposition de loi ausgeschafft, iwwert déi mer haut och diskutéieren. D'Logementskommissioun huet vill a gutt geschafft, Här President, an d'Regierung huet ënnert deem Drock eng Rei vun Drénglechkeetsmoossname beschloss. Am Juli hu mer iwwer eng Rei steierlech Moossnamen diskutéiert. Haut si mir mat weideren Deelmoossname befaasst, déi d'Wunnengsbaugesetz vun 1979 betreffen.

D'Chamber huet e Gesetzprojet vun der Regierung virleien, deen den Här Haupert elo am Detail a gutt virgestallt huet. An d'Chamber huet déi Proposition de loi virleien, déi ech däerf presentéieren. Ier ech dat maachen, wëll ech nach eng Kéier drun erënneren, datt den Ausmooss vun de Problemer am Wunnengsbau esou grouss ass, datt hei eng kohärent, ressortiwwergräifend a partnerschaftlech Approche noutwendeg ass. Mat isoléierte Moossnamen, esou gutt gemengt an esou positiv se och sinn, geet et net duer. Et muss gläichzäiteg fir d'Vergréisserung vun der Offer un erschwéngleche Wunnengen a fir d'Verbesserung vun de staatlechen Hëllefe gesuergt ginn. Mir mussen eis wierksam Instrumenter ginn, a mir mussen esouwuel bei der Förderung vum Eegenheem, dat ass eng Traditioun, wéi bei den Hëllefe fir Leit, déi loune mussen, nei Akzenter setzen, a virun allem vergläichbar vill Hëllefen, wat hei zu Land net esou eng Traditioun huet.

An anere Wieder, mir däerfe bei aller Prioritéit fir d'Eegenheem net vergiessen, datt et vill Leit gëtt, déi sech ni en Eegenheem kënne leeschten. Haut ass et paradoxerweis esou, datt déi ënnert hinnen, déi net d'Chance hunn eng Sozialwunneng ze kréien, guer näischt kréien. Wat ass dat fir eng Logik, déi wëllt, datt déi, déi am Allerschlechtsten dru sinn, guer keng Hëllef kréien, ausser datt se op enger Waardelëscht waarden a vläicht ni drukommen?

All dës Iwwerleeunge sinn am Laf vun de Preparatioune fir eis Orientéierungsdebatt zur Sprooch komm. Ech bedaueren dofir, datt duerch déi Hektik, déi verständlecherweis bei der Regierung ausgebrach ass, keng ganz Aarbecht geleescht ginn ass, mee datt mer eng, an ech soen dat erëm eng Kéier esou wéi ech et denken, datt mer amgaang sinn eng Fléckaarbecht ze maachen, wou gutt Elementer derbäi sinn, mee déi awer u sech un dem Ausmooss vum Problem net vill oder net Entscheedendes wäerten hëllefen an änneren.

An da kommen ech zu der mangelnder Koordinatioun, déi mer festgestallt hunn. Deen ee vun de Regierungsmembere bréngt Steiermoossnamen, deen anere verbessert säi Wunnengsbaugesetz an deen Drëtten huet sech och elo ageschalt, de Minister vum Aménagement du Territoire. Hie këmmert sech an Zukunft ëm urbanistesch Visiounen. Ech hu mat Erstaune gelies - dat wat mer an der Chamberskommissioun kontrovers diskutéiert hunn -, de Minister vum Aménagement du Territoire wëllt sech an Zukunft ëm d'Uleeë vu Baulandreserve këmmeren. Hie wëllt en extrae Fong schafen, dee Baulandreserven uleet. Här Minister, Dir kënnt Iech un déi doten Diskussioun erënneren. Et wär vläicht net schlecht, wann de Wunnengsbauminister eng Kéier géing mam Innenminister schwätzen, an den Innenminister eng Kéier mam Wunnengsbauminister. A mir kënne vläicht dozou bäidroen, well mer den Innenminister och invitéiert hunn, an et vläicht mat eise bescheidene Mëttel fäerdeg bréngen, datt déi zwee, dräi oder véier Regierungsmemberen hir Efforte bündelen, a mer dann eppes méi Effikasses kënne maachen.

Déi heiten Approche ass awer symptomatesch, well se doduerch ënnermauert gëtt, datt mer fir d'éischt eng Rei vu Gesetzer stëmmen. Mir hunn dat am Juli gemaach. Mir maachen et elo, an dann, oh Wonner, eng Orientéierungsdebatt féieren, nodeem mer d'Gesetzer gestëmmt hunn. Dat ass eng Logik, déi net meng ass. Ech hunn ëmmer gemengt, datt een eng Orientéierungsdebatt féiert, dann d'Konklusiounen zitt an dann e gebündelte Moossnamepak mécht. Ech kann déi doten Approche nëmmen akzeptéieren, wann et esou bei der Regierung verstanen ass, datt dat hei Mesures d'urgence sinn, déi ganz dréngend noutwendeg sinn, fir iwwerhaapt eppes um Terrain ze bewierken, an datt déi zweet an déi drëtt Serie vu Moossnamen, op Grond och vun deenen Debatten, déi mer am Parlament hei wäerte féieren -

ech hoffe jo, datt mer se nach wäerte féieren, net datt se d'Schicksal vun aneren Orientéierungsdebatten erleiden -, déi richteg Konklusiounen doraus gezu ginn, an datt mir da selwer, wa mer eis eescht huelen als Parlament, déi Konklusiounen doraus zéien, déi mer aus deenen excellenten Diskussioune gezunn hunn a wou mer de Wunnengsbauproblem an all senge Facettë matkritt hunn, wat soss net ëmmer sou evident hei war.

Hei gouf en excellenten Iwwerbléck ginn iwwert dat, wat sech um Terrain ofspillt an et goufe virun allem vun deene verschiddenste Säiten, och aus deenen eenzelnen Approchen eraus, gangbar Solutiounen op den Dësch vun der Chamber geluegt, déi den Avantage hunn, datt se nei Pied an nei Perspektiven opmaachen, déi mir vläicht net esou gesinn hunn, mee déi awer zum Deel och vun enger praktescher Approche gekennzeechent wären.

An dofir nach eng Kéier, géif ech mir wënschen am Numm vun deene Kolleegen, déi an der Logementskommissioun vill geschafft hunn, sech vill Méi ginn hunn, Här President, ech mengen, Dir kënnt dat bestätegen, datt dat an engem gudde Klima an an engem konstruktive Geescht geschitt ass, datt mer do och herno, op gutt Lëtzebuergesch, de Sak zoumaachen an dann eise Pefferkär zu där doten Debatt bäidroen.

Dann zum Inhalt vun der Propositioun de loi. Den Norbert Haupert huet op eng Rei vu Punkten higewisen, wou eigentlech de Projet de loi an d'Proposition de loi an déiselwecht Richtung ginn. Mir hunn dat ni gemaach, datt mer an der Chamberskommissioun Urheberrechter op dat eent oder op dat anert geluegt hunn. Et geet eis hei ëm d'Saach an et ass de Leit eigentlech onwichteg, wien dann elo déi dote Mesure als éischt erfonnt huet. D'Haaptsaach ass, si gëtt an d'Praxis ëmgesat.

Ech fannen et begréissenswäert, datt mer eis endlech déi Instrumenter ginn, fir de Wunnengsmaart an all senge Facettë richteg ze erkennen, well dat war e bëssen de Problem an der Vergaangenheet, well mer den Ausmooss vum Phenomeen net erkannt hu wéinst falsche Statistiken. An do si mer eis eens, déi Statistiken, déi mer virleien haten, waren archifalsch, well zum Deel mat Parametere geschafft gouf, déi der Realitéit net entsprach hunn. Et ass gesot ginn, datt de Gemenge beim Bau vu soziale Mietwunnenge vill méi staark gehollef gëtt, bis zu 70 oder esouguer 75 %. Dat ass ee gudden Akzent, wann ee gesäit, datt mir bis elo vun 40% ausgaange sinn.

Et ass richteg datt de Fonds de Logement an déi, déi Sozialwunnenge bauen, oder erschwénglech Wunnengen, wat ech léiwer hunn, sech matbedeelegen un de Folgekäschte bei de sozio-familiären Infrastrukturen an och bei de Schoulen. Ech muss allerdéngs soen, datt dat, wat hei fir de soziale Wunnengsbau gëllt, och gëllt fir de Wunnengsbau insgesamt, an datt eng ganz Rei vu Gemengen iwwerfuerdert si mat de Folgekäschte vum Wunnengsbau insgesamt oder vum Wuestem insgesamt, an datt et héich Zäit gëtt, datt déi Verspriechen, déi elo zënter annerhalwem Joer vun der Regierung op den Dësch geluegt gi sinn, fir de Gemengen insgesamt méi effikass ze hëllefe bei deenen doten Infrastrukturen, ageléist ginn.

Et ass elo annerhalleft Joer hier, zënter datt de Premier fir d'eischte Kéier dat ugekënnegt huet. Ech hoffen, datt et net nach eng Kéier annerhalleft Joer dauert, well soss muss déi nächst Regierung dat doten a Musek ëmsetzen.

Ech muss och soen, datt déi Hëllefe beim Schoulbau, an ech insistéieren op deen dote Beräich, déi am Rahme vu soziale Wunnengsbauprojeten ugekënnegt gi sinn, zu engem Zäitpunkt ugekënnegt gi sinn, wou d'Regierung en anere Projet nach net op den Dësch geluegt hat, an dofir si se an dësem Projet och op 50% limitéiert. An der Tëschenzäit huet d'Regierung awer e Projet op den Dësch geluegt, wou et ëm de Subventionement vu Privatschoule geet, ëm Infrastrukture vu Privatschoulen, am Postprimaire, am Primaire an am Préscolaire, an do, oh Wonner, geet et net ëm eng 50%eg Participatioun, mee ëm eng 80%eg Participatioun vum Stat un den Infrastrukturkäschten.

Ech wëll hei keng Privatschouldiskussioun an dësem Moment vum Zonk briechen, mengen awer, datt wa Privatschoulen zu 80% ënnerstëtzt gi vum Stat, datt et nëmme logesch wier, datt d'Kommunalschoulen zu deemselwechten Taux géifen ënnerstëtzt ginn. Ech wëll just soen, den Här Minister lauert drop, fir mer eppes kënnen dozou ze soen, datt d'Primärschoulen an de Südgemengen ënnert dem Stréch am Moment mat netto 5% subventionéiert gi vum Stat. 5%, dat soll ee sech op der Zong zergoe loossen, 5% fir öffentlech kommunal Primär- a Préscolaireschoulen, 80% fir Privatschoule vun allen Typen an Zukunft.

***(Interruption)***

Et ass am Projet dran, Här Minister.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Wéivill méngt Dir dann, datt iwwerhaapt privat Primärschoule géinge gebaut ginn?

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*, *auteur*.- Här Minister, hei geet et net ëm d'Zuel, mee hei geet et ëm de Prinzip!

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Dir mengt wuel d'Kongregatiounen, fir emol déi ze nennen. Déi hätten déi nämlecht Aufgabe wéi d'-Gemengen hei am Land. Dann ënnerschätzt Der d'Roll vun de Gemengen, Här Di Bartolomeo. Ech muss lech dat awer soen.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*, *auteur*.- Ech sinn zu dësem Zäitpunkt enorm fein. Ech hu jo emol nach net verlaangt, datt d'Privatschoule keng 80% solle kréien. Ech hu just verlaangt, datt d'Gemengen och 80% solle kréien. Do dierft Der jo sécher näischt dergéint hunn. Dir waart jo och eng Kéier Kommunalpolitiker. Dir hutt domadder Avantagë vis-à-vis vun anere Regierungsmemberen, déi net d'Chance haten, fir och d'Gemengesäit, also den direkte Kontakt mat de Leit kennen ze léieren. Also, Här Minister, zu dësem Zäitpunkt moosse mer d'Regierung dorun, wéi se déi eng Säit a wéi se déi aner Säit behandelt. Ech mengen, dat wär eng kohärent Approche. A fir der Regierung dann och d'Méiglechkeet ze ginn, fir dat doten ze realiséieren, hu mir eis erlaabt, vu datt d'Regierung déi Donnéeën net hat, wéi se de Gemenge 50% ugebueden huet beim Projet d'ensemble, een Amendement auszeschaffen, dee mer herno wäerte virleeën.

Ech wollt dann nach e puer Wuert soen zu deene Punkte wou de Gesetzesprojet an d'Proposition de loi fundamental differéieren. Mir hate méi Wäert op d'Uleeë vu Baulandreserve geluegt. De Minister huet eis gesot, dat géif parfaitement iwwert de Fonds de Logement goen. Mir mengen awer, datt d'Baulandreserven net eleng d'Affär solle vum Fonds de Logement sinn, mee datt Stat a Gemengen zesumme mam Fonds de Logement, mat anere Promoteurs publics solle Baulandreserven uleeën an datt een..

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Dat ass jo am Gesetz virgesinn.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*, *auteur*.- Dir huet net Onrecht, mee ech hu gesot, datt mer an eiser Proposition de loi méi Gewiicht dorop geluegt hunn, an datt mer mat budgetären Akzenter gerechent haten, fir dann déi dote politesch Volontéit och no baussen ze weisen. An datt mer net eleng do stinn, gesäit een aus der rezenter Pressekonferenz vum Innenminister, deen eigentlech datselwecht gefuerdert huet wéi mir a Saache Baulandreserven.

Dann zu der Ausdehnung vun der Statsgarantie. Dat ass ee vun deene Punkten, déi eis enorm wichteg waren, well wat ass d'Statsgarantie am Moment? D'Statsgarantie, dat heescht d'Biergschaft vum Stat bei engem Prêt vu Leit, déi net genuch ugespuert hunn, an déi net d'Chance hunn en anere Bierg ze hunn. Wat stellt dat am Moment duer? Mee ganz einfach, ech sinn der Meenung, datt déi Statsgarantie, wéi se am Moment praktizéiert gëtt, e Geheimtipp ass oder eng virtuell Leeschtung, déi kaum vun engem beusprocht ka ginn, well Der vill et net wëssen, a well d'Konditioune relativ restriktiv sinn.

Ech muss lech awer soen, datt ech net verstinn, firwat datt déi Konditiounen esou restriktiv sinn, well an deene leschten 23 Joer, an Här Minister, Dir kënnt mer dat wahrscheinlech bestätegen, nach net eng Kéier de Stat fir seng Garantie, déi hie gewäert huet, huet misse berappen. Dat heescht, déi Garantie, déi hie ginn huet, war eng virtuell Garantie an déi Leit, déi se kritt hunn, si ganz suergfalteg a ganz disziplinéiert mat där Garantie ëmgangen.

Dofir si mir der Meenung, datt ganz oft feelend Spueraktivitéit, feelend Biergschaft en Hemmschong sinn, fir e Prêt ze kréien, an datt et och bedauerlech ass, an Här Minister, Dir wësst dat och, datt et heiansdo Banke sinn, déi esou oder esou maachen, wann et drëm geet iwwert d'Uschafung vun engem Eegenheem ze décidéieren an doriwwer ze décidéieren, ob ee staatlech Hëllefe kritt oder net, well wann zum Beispill d'Spuerkeess den sozialen Tarif net accordéiert aus deem engen oder anere Grond, da kréien déi potentiell Ayants droit déi sozial Hëllefe vum Stat net. Ech fäerte ganz, datt déi doten Approche an deen dote Pouvoir vun der Spuerkeess nach aus enger Zäit stammen, wou se regelrecht Statsbank war. Haut gëtt et eigentlech kee Grond méi, fir datt een déi Décisioun an den Hänn vun enger Privatbank léisst, mee dat soll schonn dem Stat iwwerlooss sinn.

Ech mengen, Här Minister, mat enger Ausdehnung vun der Statsgarantie, net eng total ouni Konditiounen, mee Statsgarantie bei Leit, déi kënnen noweisen, datt se während Jore brav a fein hire Loyer konnte bezuelen, do verbrécht een näischt, well déi Leit hunn hir Finanzkapassitéiten nogewisen, an een deen e Loyer kann iwwert Jore bezuelen, Här Minister, dee kann och ee Prêt rembourséieren, dee meeschtens méi niddreg ass wéi dee Loyer, deen hien um fräie Maart muss bezuelen. Dofir war eis Fuerderung an eis Propositioun, datt een d'Statsgarantie méi couragéiert wéi am Regierungsprojet soll ausdehnen, datt ee kann op de Wee goe vun enger 100%teger Statsgarantie an datt een op jidde Fall net soll do Barrièren schafen, wou een net méi kann driwwer kommen, nëmme well een eventuell keng Méiglechkeet hat, fir unzespueren.

Et ass heiansdo just ee ganz klenge Schratt, ob ee kann zum Eegenheembesëtzer ginn, oder ob ee muss säi Liewe laang engem anere Loyer bezuelen an dann ni zu engem Eegenheem kënnt.

De Käschtepunkt vun där doter Mesure - et gëtt jo ëmmer gesot, mir géife vläicht de Käschtepunkt an d'Luucht dreiwen - ass minim, an ech hunn dat virdun erwähnt. Wann een als Garantie d'Capacité financière vun de Leit hëlt an d'Regelméissegkeet vum Zréckbezuelen, geet ee kee Risiko an. An ech mengen, an dat ass positiv, dat muss en och soen, dass déi Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun gefouert hunn, och zu enger Unnäherung vun de Standpunkte gefouert hunn. A wa mer haut dat dote Gesetz géife schreiwen, da wäre mer vläicht bereet a méi engem opene Geescht op déi Statsgarantie hinzegoen. Wann ech gelift, e bësse méi Courage op deem dote Gebitt.

Do wou mer och méi Akzent drop gesat hu wéi d'Regierung, dat ass an enger anerer Approche, déi e bëssen ähnlech gelagert ass, fir de Leit, déi kënne Loyer bezuelen, en Eegenheem ze erlaben. Dat ass d'Formule vun der Location-vente. Jo, ech ginn zou, am 1979er Gesetz ass de Mietkaf scho méiglech. Mee dat gëtt kaum gehandhaabt. Et gëtt isoléiert Fäll wou een, wann ee laang Locataire war, d'Wunneng ugebuede kritt huet, fir se ze kafen, wou en Deel da vum Loyer ugerechent ginn ass. Mee et gëtt net systematesch gemaach. Mir identifizéiere keng Wunnengen, wou een de Leit vun Ufank u seet, déi dote kënnt der nom Leasing-Verfahre kafen. An dat ass déi Approche, déi mir hunn. Wann ech gelift, wa mer staalech ënnerstëtzten oder gemengenënnerstëtzte Wunnenge bauen, kommt mir identifizéieren en Deel vun deene Wunnengen, déi nom Mietkafsystem kaaft kënne ginn. D'Leit stelle sech dorop an, a si hunn eng aner Facilitéit, fir zum Eegenheembesëtzer ze ginn.

De Conseil d'Etat fënnt déi dote Piste ganz interessant. D'Chambre de Travail ënnerstëtzt se. Kommt, wann ech gelift, mir ginn op deen dote Wee!

De Minister huet an deem Sënn Recht, dass mer et laut dem 1979er Gesetz scho kënnte maachen. Ma da kommt, a mir sinn och op deem dote Gebitt e bësse méi couragéiert a mir maachen et net nëmme potentiell oder virtuell, mee mir maachen et och an der Praxis.

≤Dann eppes wat mir ganz staark um Häerz läit. Dat ass d'Gläichstellung vun den Hëllefe fir Leit, déi op de Wee vum Eegenheem kënne goen an de Leit, fir déi d'Eegenheem en Dram bleift. Mir, an dat wëll ech och unerkennen, stelle fest, dass mer eng ganz Rei vun neie Projeten op d'Schinn ginn, 9.000 oder 10.000 Wunnenge an deenen nächste Joren. Mee dat ännert awer näischt drun, Här Minister, dass, bis dass mer déi Wunnengen do hunn, nach vill Jore verginn, an en attendant bleiwen déi Waardelëschte beim Fong, bleiwen déi Waardelëschte bei de Gemengen. An dofir hu mir eng Alternativ proposéiert, déi zwar net 100% perfekt ass, mee engersäits, wa mer net genuch Mietwunnengen hunn, déi erschwénglech sinn, solle mer eis akafen am private Marché, a mir sollen déi Wunnengen, déi mer ulounen, zu engem indirekt ënnerstëtzte gënschtege Loyer weiderginn.

A wann all Strécker räissen, da solle mer op de Wee goen, fir e Mietzuschuss ze schafen, dee bis elo tabu war, a wou d'Regierung ëmmer gesot huet, deen ass tabu, well wa mer e Mietzuschuss schafen, da reperkutéiert dee sech automatesch op d'Loyeren. Dat hunn ech och ee Moment gegleeft. Dat kléngt gutt. Dunn hunn ech dat awer e bëssen dréie gelooss an ech hun dat kritesch hannerfrot. An ech hu gefrot, ob d'Regierung dann net un d'Effikassitéit vun hirem Mietgesetz gleeft. Mir hunn e Mietgesetz a laut deem Mietgesetz sinn d'Plafonge festgeluegt. Wann déi Plafonge respektéiert ginn, kann ee jiddefalls net iwwert déi Plafongen goen. A wa Plafongen do sinn, wann déi Wunnengen an der Rei sinn, vertraut de Propriétairen, dass se se net bradéieren. Also, déi Plafonge si realistesch. Firwat da mengen, dass wann een Ënnerstëtzung kritt fir säi Loyer, dass dann d'-Mietgesetz net méi respektéiert gëtt? Dat ass déi éischt Iwwerleeung, déi ech mer gemaach hunn, an Dir musst zouginn, dass se net onlogesch ass.

An dann déi zweet Iwwerleeung, déi ass vläicht nach méi aliichtend. Well déiselwecht Iwwerleeung, déi ee beim Mietzuschuss féiert, kann ee bei sämtlechen direkten Hëllefe beim Wunnengsbau féieren. Well och déi direkt Hëllefe beim Wunnengsbau d reperkutéiere sech op d'Präisser vun de Wunnengen. Här Minister, ech hunn lech awer richteg verstanen, dass Dir op d'Fuerderung vun eis, dass déi Hëllefe sollen adaptéiert ginn, net Nee gesot hutt? Dir hutt gesot, Dir géift déi Hëllefen adaptéieren. Also, kommt,bmir bleiwen eis logesch. Wa mer bei där enger Säit net den Awand gëlle loossen, dass déi sech op de Maart reperkutéieren, da maache mer et och net beim Wunnengsmaart. Et ass kee gutt Argument, wann een deene Leit seet, déi sech um fräie Maart keng Wunneng kënne leeschten, mir kënnen lech net hëllefen, well soss geet de Loyer an d'Luucht. Mat esou engem Argument ass deene Leit jiddefalls net gehollef, well si mussen nach ëmmer deen héije Loyer bezuelen, an dee kënne se sech leider net leeschten.

Fënnefte Punkt, wou et eng Differenz gëtt zwëschent der Proposition de loi an dem Gesetzestext, ass, dass mer aus der Nout eng Tugend gemaach hunn. Well mer keng Règlements grand-ducaux kënne schreiwen als Deputéierten, hu mer et an d'Gesetz ageschriwwen: d'Erhéijung vun de Hëllefen an d'Erhéijung vun den Akommesplafongen. Akommesplafongen ass sécher dat, wat am direkteste berechtegt ass, well ech mengen, mat deenen Akommëssen, déi mer am Moment als Limiten hunn, ass et heiansdo scho schwéier, fir sech nach kënnen en Haus ze leeschten. An déi Evolutioun, déi mer bei der Baulandpräisser haten, berechtegt, dass mir d'Plafongen no uewen upassen.

Mir hate proposéiert, fir d'Plafonds de revenus - ech muss dat soen - substantiell no uewen ze setzen, ëm 50%. A mir hu proposéiert an eiser Proposition de loi, fir d'Hellëfen ëm 25% ze héijen. Dat ass substantiell, mee et entsprécht net emol annähernd der Präisexplosioun um Wunnengsmaart. Et géing awer verschiddene Leit d'Dieren opmaachen.

Och do seet den Här Minister, mir kënnen dat doten ouni Gesetz maachen. Mir kënnen dat iwwer Règlement grand-ducal maachen. Well mir awer wëllen, dass dat no bei deene Montanten ass, déi mir proposéiert hunn, erlabe mer eis herno eng Motioun an déi dote Richtung anzebréngen.

Dann, do si mir eis eens, méi eng schnell Liquidéierung vun de Hëllefen, an do wou Nout um Mann ass, méi Personal. Well beim Wunnengsbau gëllt de Prinzip, wie schnell hëlleft, hëlleft duebel.

Aus den Ausféierunge vum Här Rapporteur, vum Haupesch Norbert, a mengen eegenen Ausféierungen hutt Dir eraushéieren, dass déi Proposition de loi an de Gesetzprojet sech eigentlech net ausschléissen, mee éischter komplementar sinn, dass d'Proposition de loi op enger Rei vu Gebitter méi wäit geet an dobäi och zum Deel op d'Ënnerstëtzung vun de berodenen Instanze getraff ass. An och, ouni dass et elo e formelle Vote ginn ass an der Kommissioun, Versteesdemech fir déi eng oder déi aner Moossnam war. Ech mengen, domat avancéieren ech mech net zevill wäit an ech engagéieren och kee vun de Memberen aus der zoustänneger Kommissioun zevill.

Dofir froen ech, dass d'Proposition de loi ganz oder an deenen Elementer, déi komplementar zum Projet sinn, zum Vote gestallt gëtt. Ech hoffen, dass d'Attitüd vun der Chamber vis-à-vis vun der Proposition de loi déi wäert sinn, déi mer ëmmer an der Kommissioun begéint hunn, dass een d'Iddi op hire Wäert jugéiert an net dorop, ob se vun engem Majoritéitspolitiker oder vun engem Oppositiounspolitiker kënnt. Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Lucien Clement.

**M. Lucien Clement** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Här Norbert Haupert als Rapporteur vum Gesetzesprojet merci soen, fir säin ausféierleche mëndlechen an och schréftleche Rapport. Hien huet dat gemaach, wéi mer dat gewinnt sinn, op eng ganz verständlech Aart a Weis.

***(Interruption)***

Här Di Bartolomeo, Dir sidd ëmmer ze fréi. Kuckt, elo wollt ech lech och luewen. Ech wëll lech awer nëmme merci soe fir deen Deel, wou Der vun Ärem Rapport geschwat hutt. Dee war och ganz gutt. Gesitt Der, ech hat och un lech geduecht.

***(Interruption)***

Also, d'Wunnengsproblematik ass hei zu Lëtzebuerg zënter engem Joer ee vun den zentralen Theme vun eiser Politik. Jiddereen heibannen erënnert sech drun, datt mer eis an der rezenter Vergaangenheet heibannen, an awer och an der Logementsskommissioun ganz intensiv an heiansdo och kontrovers mat dësem Sujet ausenaner gesat hunn. Ech denken, Här President, et wäert och net déi leschte Kéier gewiescht sinn, wou mer dat gemaach hunn.

Wat sinn elo d'Enjeuë vun enger Wunnengsbaupolitik? Eng aktiv Wunnengsbaupolitik konditionéiert d'Effikassitéit vum sozio-ekonomesche System vun engem Land. De Logement ass och e wesentleche Facteur vun der Integratioun. Als wichtegst Instrument am Kampf géint déi sozial Exklusioun dréit de Logement mat Sécherheet och säin Deel zum soziale Fridde bäi. Weiderhi géif ech soen, dass eng sécher, propper an agréabel Wunneng e wesentleche Kritär vun all Eenzelnen a senger Liewensqualitéit ass. An deem Kontext wëll ech un dat internationaalt Recht

erënneren, dat am Kader vun den Nations Unies élaboréiert ginn ass. Elei steet geschriwwen, datt de Logement ee fundamentaalt Mënscherecht ass. Ech mengen, datt dat eng wichteg Ligne directrice fir eis Iwwerleeunge muss sinn.

Wéi gesäit elo d'Situatioun um Lëtzebuerger Wunnengsmaart aus? Schematesch gesot besteet en Décalage tëschent der Offer an der Demande vun de Wunnengen. An anere Wierder, d'Demande ass méi héich wéi d'Offer. Dat provozéiert no der Loi du marché normalerweis och méi héich Präisser. Hei sinn awer ganz besonnesch d'-Bauplazenterrainen dovunner betraff. Et gëtt vill Grënn fir esou eng Situatioun. E wesentleche Grond ass d'Wuesse vun eiser Gesamtbevölkerung. De wirtschaftleche Succès huet, wéi kann et anescht sinn, vill Leit aus dem Ausland op Lëtzebuerg gezunn, fir bei eis ze schaffen, fir bei eis ze liewen, a selbstverständlech dann och bei eis ze wunnen. Dobäi kënnt och nach, datt d'Gréisst vun de Famillje progressiv ëmmer méi kleng ginn ass. Fréier hunn zwou bis dräi Generatiounen an engem Haus gewunnt. Dat ware ganz séier sechs bis aacht Persounen. Haut lieft an der Regel nach eng Generatioun an engem Haus oder an engem Quartier, wat dräi bis maximal véier Leit ausmécht.

En plus ass d'Bevölkerung geographesch och net gläichméisseg iwwert d'Land verdeelt, wat de Präisënnerscheed vum Bauland tëschent deenen eenzelne Regioune sécherlech zum Deel erklläert.

Schlussendlech gëtt net genuch gebaut a gëtt och wahrscheinlech ze lues gebaut. Dorop wëll ech zum Schluss vu menger Ried nach kuerz agoen. Am Laf vun de Joren ass de Logement bei eis zu Lëtzebuerg den Haaptausgabeposte vun de Ménagë ginn. Vill Stéit hunn ëmmer méi Schwieregkeeten, fir an eisem Land eng adequat Wunneng zu engem, fir hire Revenu, räsonnable Präis ze fannen. Ganz oft, héiert een a leschter Zäit, gi se dofir an déi no Grenzregioun entweder wunnen, lounen oder si baue sech och nach do en Haus.

Weiderhi wunne vill Stéit zu Lëtzebuerg ënner onzefriddestellende Bedéngungen. Dat ass eng Behaaptung, déi einfach, soen ech emol, esou am Raum steet. Ob et och genee esou ass, weess ech net, ech weess och net, ob et heiriwwer fiabel Donnéeë gëtt.

Schlussendlech sinn och nach vill Stéit iwwerschélt, well se ze héich Kreditter gemaach hunn, fir de Kaf vun enger Wunneng ze finanzéieren. An ech mengen, hei sinn d'Banke gefuerdert an droen och en Deel u Responsabilitéit. Et ass nach ëmmer méiglech niewent dem Kredit - dee soll ee kréien, dat ënnerstëtzen ech ganz -, deen ee fir en Haus opgeholl huet bei enger anerer Bank oder bei enger Konkurrenzbank, e Prêt fir Autoen oder aner Konsumgidder ze maachen. Stellt sech esou eng Situatioun an, da kënnt een emol ganz séier den Hick kréien, wann et ëm d'Zréckbezuele vun där zousätzlecher, duebeler oder dräifacher Belaaschtung geet.

D'Regierung huet mat Sécherheet dës Problemer net an och ni op déi liicht Schëller geholl. Dat beweist hire finanziellen Engagement iwwert déi lescht zéng Joer ewech. An deene leschten zéng Joer huet de Stat ongefeier 1,2 Milliarden Euro an de Logement investéiert. Dat maachen zirka 120 Milliounen Euro pro Joer. D'Unzuel vun de Stéit, déi an de Genoss vun de staatleche Bäihëllefe kommen, ass grad esou impressionnant. 29.000 Stéit hu vun den Aides au capital profitéiert, 38.000 vun den Aides aux intérêts, an 31.000 vum Remboursement vun der TVA.

Déi öffentlech Promoteure kruten um Niveau vun den Aides à la pierre bal 183 Milliounen Euro zur Verfügung gestallt. Mä trotz all deenen Efforte konnt d'Offer u Wunnengen d'Nofro net befriddegen. Dat ass eng Tatsaach, déi keen heibanne kontestéiert, géif ech soen, an och d'Regierung wäert dat net kontestéieren.

Aus all dëse Grënn huet dunn de Ressortminister Fernand Boden um Enn vum leschte Joer de Programme d'action logement ausgeschafft. Dëse Programm gesäit zirka 30 Moossname vir, déi progressiv ëmgesat ginn. Déi meescht vun hinne mussen dann och an e Gesetzestext gekleet ginn.

Ech erënneren drun, datt d'Chamber deen éischte Volet, dat heescht, de steierlechen Aspekt virun der Summervakanz scho gestëmmt huet. Mat enger Rëtsch vu fiskaleschen Ureegunge soll d'Offer u Wunnengen an u Bauterrain vergréissert ginn. D'Plus-valuë gi manner héich besteiert, d'Taxe beim Droit d'enregistrement, déi beim Kaf vun engem Eegenheem geschëllt sinn, sinn, wat d'Praxis ubelaangt, praktesch ganz ofgeschaaft ginn. De Remboursement vun der Logements-TVA kann duerch déi direkt Applikatioun vum Taux supérieur réduit, denke mer emol, deemno vill méi séier ofgeweckelt ginn.

Den zweete Volet betrëfft d'Reform vum 1979er Gesetz iwwert déi staatlech Bäihëllefen am Beräich vum Logement. Dës Reform läit eis haut zur Ofstëmmung vir. Dir gesitt also, dass d'Regierung an d'Logementskommissioun, déi am Programme d'action logement ugekënnegt Reforme gewëllt ass séier a konsequent ëmzesetzen.

Här President, ech wëll elo nach zu e puer Punkte vum Gesetzesprojet Stellung bezéien. Fir d'éischt wëll ech eng allgemeng Remarque, oder et kann een och soe Kritik, iwwert d'Form vum Gesetzesprojet maachen. Iwwregens hunn ech déi Remarque, déi ech elo maachen, och scho bei anere Gesetzer gemaach, an et fënnt ee se och ëmmer an deene verschiddenen Avisen erëm.

Ech fannen et net gutt, datt dat Dokument, dat déposéiert ginn ass, keen Text coordonné begräift. Dat erschwéiert engem d'Lecture an d'Verständnis vun esou engem Projet. Net jiddereen heibannen ass Jurist, an ech mengen, wann e Jurist wier, da miisst en nach all déi Texter a Gesetzer bei Hand hunn, op déi sech dat heite Gesetz berifft, fir wierklech kënnen eppes domat unzefänken. Dofir riichten ech en Appel un d'Regierung, wéi ech dat schonn e puermol gemaach hu bei anere Gesetzer, datt se ëmmer, wann esou ee Gesetz ofgeännert gëtt, en Text coordonné soll bäileeën. Ech géif soen, datt dat am Zäitalter vum Computer net méi der Däiwel vill Aarbecht misst sinn, wéi dat vläicht fréier war, wou nach bal alles op der Schreifmaschinn geschriwwe ginn ass.

***(Interruption)***

Oh, Här Mehlen, elo hätt Der kënne roueg sinn, well ech mengen, Dir sidd jo menger Meenung.

***(Interruptions diverses)***

**M. le Président**.- Fuert weider, Här Clement.

**M. Lucien Clement** *(CSV)*.- Här President, den Här Clement fiert virun, wann den Här Mehlen roueg ass.

**M. le Président**.- Den Här Clement huet eleng d'Wuert, an déi aner sollen nolauschteren.

**M. Lucien Clement** *(CSV)*.- E wesentlecht Element vum Projet sinn d'Parcs locatifs publics. Am Moment ginn et 4.058 öffentlech Mietwunnengen. Dës Zuel representéiert nëmmen 3,4% vum Gesamttotal vun de Wunnengen, an 11,43% vun der Zuel vun de Mietwunnengen. De Parc locatif, deen ënnert de Regime vum 1979er Gesetz fält, zielt am Ganzen 2.966 Unitéiten, wat 2,5% vum Gesamttotal vun de Wunnengen ausmécht. Ech erënneren drun, datt ënner anerem Stéit mat niddregem Akommes, Famillje mat méi Kanner, al Leit a physesch handicapéiert Leit ënnert dëse Regime falen.

D'Zuel vun den öffentleche Mietwunnengen ass souzesoen net héich. Si geet op jidde Fall net duer, fir déi grouss Nofro zefridden ze stellen. Wat sinn elo d'Grënn fir déi onbefriddegend Situatioun?

Vill Gemenge reagéiere retizent, wann et ëm d'Schafe vun öffentleche Mietwunnengen op hirem Territoire geet. Et gëtt Grënn dofir, firwat se esou reagéieren. Si fäerte ganz oft bei grousse Lotissementer een ze schnellen oder e vill ze schnelle Wuesstem vun der Bevölkerung op hirem Territoire, wat en zousätzleche Besoin un neien Infrastrukture mat sech bréngt. Nei Infrastrukture bedeiten e weidert zousätzlecht finanziellt Engagement, dat oft ganz substantiell ass. Aner Gemenge fäerten eng Diminutioun vun hirer Liewensqualitéit, sief et an engem spezielle Quartier, sief et vläicht vun hirer ganzer Lokalitéit.

Doniewent ass och dat finanziellt Engagement vun enger Gemeng beim Bau vu Sozialwunnenge sécherlech net ze négligéieren, oder ze ënnerschätzen.

De Gesetzprojet gesäit elo eng massiv Erhéijung vun de finanzielle Mëttele vir, déi de Stat den öffentleche Promoteuren, an dorënner fale selbstverständlech och d'Gemengen, zur Verfügung stelle kann. D'Objektiv ass, fir d'Gemengen ze encouragéiere méi Mietwunnengen ze bauen. De Stat hëlleft elei de Gemenge substantiell, datt se hire Responsabilitéiten am Beräich vun der Wunnengspolitik kënne gerecht ginn.

Wéi gesäit elo dës finanziell Ënnerstëtzung konkret aus? Dem Stat seng finanziell Bedeelegung ka bis zu 70%, souguer 75% a verschiddene Fäll vum Baupräis oder vum Acquisitiounspräis bei Mietwunnenge goen. 75% si méiglech bei engem Projet, deen a sech nëmme Mietwunnenge virgesäit. Weiderhi kann de Stat bis zu 50% vun de Käschte bei der Schafung vun Erzéiungs- a Garderieinfrastrukturen droen. Bei der Schafung vu Spillplazen a Gréngflächen huet de Stat d'Méiglechkeet bis zu 70% vun de Käschten ze droen. Déi finanziell Ënnerstëtzung vun de Gemengen duerch de Stat am Kader vum soziale Wunnengsbau ass also considérabel augmentéiert ginn. Ech mengen, datt dës Moossnamen dozou bäidroe wäerten, de soziale Wunnengsbau säitens de Gemengen ze förderen. Och d'Akzeptanz dierft duerch esou Moossname vläicht méi grouss ginn. Och nei Infrastrukture ginn zu engem ganz groussen Deel matfinanzéiert. Et ginn och Infrastrukture gefördert, déi d'Liewensqualitéit net nëmmen ënnerhalen, mee déi d'Liewensqualitéit esouguer verbesseren an erhéije kënnen.

Ech riichten hei awer en Appel un d'-Regierung, datt dës Subventiounen, déi de Gemengen duerch dëst Gesetz zougestane ginn, séier un d'Gemengen ausbezuelt ginn. Et däerf net sinn, datt d'Gemenge jorelaang op dës Sue waarden, well 75% vun engem gréissere Lotissement kënnen de Budget vun enger klenger oder mëttlerer Gemeng ganz zolidd belaaschten. Och wann een an Aussicht gestallt kritt als Gemeng, datt d'Sue remboursëiert ginn, huet esou e Prêt awer negativ Auswierkungen op de Fonctionnement vun enger Gemeng. Dat gëllt och fir de Fall, an ech ginn emol dovun aus, datt dat esou ass, wou 100% vun den Zënsen iwwerholl ginn. Hei misst een dozou soen, datt méi ee schnellt Ofwéckele vum Remboursement d'Gemenge mat Sécherheet befriddegt, an de Stat nach Sue spuert, well en d'Zënse jo net brauch matzebezuelen.

Ech wëll elo nach e puer Wuert zum Avis vun der Chambre des Métiers soen. Si ass am Prinzip averstanen, datt d'Schafen an d'Gestioun vu soziale Mietwunnengen an de Ressort vun de Promoteurs publics falen. Si fuerdert awer en Audit approfondi, fir d'Grënn erauszefannen, firwat déi privat Promoteure sech net méi, oder sech net a méi engem grousse Mooss fir de Bau vu soziale Wunnengen interesséieren. Ech ënnerstëtze voll a ganz d'Fuerderung no esou engem Audit. Ech mengen, et kéim, wann een d'Grënn emol erausfonnt hätt, eng zousätzlech Dynamik an dëse Marché eran, wa sech och privat Promoteuren dofir interesséiere géifen. Et kënnt ee sech virstellen, vu datt d'Konditioune fir déi Privat déiselwecht si wéi fir de Promoteur public, d'Flexibilitéit an d'Offer méi grouss an den administrativen Opwand mat Sécherheet méi kleng géife ginn. Dofir wär et wichteg, dass een dës Ursaache wierklech analyséiere géif.

Wat déi privat Mietwunnenge betrëfft, fuerdert d'Chambre des Métiers, datt dëse Beräich éischter am Ressort vun de Privatpromoteure soll bleiwen an och weiderhi soll mat deene Moossnamen ënnerstëtzt ginn. Si dréckt hire Wonsch aus, datt d'Gesetzgebung iwwer de Bail à loyer séier reforméiert gëtt. An dësem Kontext verlaangt se haaptsächlech, datt d'Differenziatioun tëschent de Wunnengen, déi virum zweete Weltkrich, an deenen, déi nom zweete Weltkrich gebaut gi sinn, soll opgehuewe ginn.

En anere wichtege Punkt vum Gesetzprojet ass d'Méiglechkeet, déi de Stat, d'Gemengesyndikater an de Fonds de Logement hunn, fir verschidde Wunnengen aus hirem Parc locatif ënnert dem Régime vum Bail à loyer-Gesetz vun 1955 verlounen ze kënnen. D'Konditioun heifir ass, datt dës Wunnenge vun enger aussergewéinlecher Qualitéit, an oder Lokalisatioun sinn. Weiderhin däerfen net méi wéi 25% vum concernéierte Parc locatif ënnert d'Bail à loyer-Gesetz falen. Den Objektiv vun dëser Dispositioun ass, fir eng sozial Mëschung an déi verschidde Quartieren eranzekréien. An anere Wierder, et geet drëm, fir d'Ghettoen an d'sozial Spannungen ze vermeiden.

D'Chambre des Métiers ass kategoresch géint dës Moossnam. Si ass der Meenung, datt déi öffentlech Promoteuren, déi subventionéiert ginn, de private Promoteuren, déi keng direkt Subventioune kréien, eng direkt Konkurrenz géife maachen. Ech mengen, datt dës Suerg awer nëmmen zum Deel berechtegt ass. Et muss ee just oppassen, datt et net zu engem onlautere Wettbewerb an dësem Domän kënnt.

E leschte Punkt vum Projet de loi betrëfft d'Extensioun vun de Missioune vum Fonds de Logement a seng Ëmbenennung an de Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat. Dem Fong seng Missioune beschränke sech net nëmme méi op d'Schafe vu Sozialwunnengen, mee si gi wäit doriwwer eraus.

D'Chambre des Métiers gesäit d'Ausweitung vun dësen Aufgabe mat kritesche Aen. Si fäert, datt de Fong den Entreprisen aus dem Privatsecteur eng deloyal Konkurrenz mécht. Weiderhi gëtt gefuerdert, datt de Fong all de Regele vum Marché public ënnerworf gëtt. Mee souwuel d'Regierung huet hei hir Argumenter, fir net doran anzewëllegen, wéi d'Chambre des Métiers, oder d'Fédération des Artisans, déi hir Fuerderunge stellen, déi Argumenter hunn. Gëtt de Fong dëse méi strikte Regelen ënnerworf, hëlt dat dem Fong vill vu senger Flexibilitéit. En plus, ginn d'Prozeduren, déi souwisou scho laang sinn, menger Meenung no, nach onnëtz verlängert. Dësweidere sinn ech perséinlech der Meenung, datt bei deene strikten Ausschreiwungen, deene méi klenge Lëtzebuerger Handwierksbetriber munch Optrag da géif laanscht d'Nues goen.

Ech hoffen, datt ee sech an dësem Fall op e Kompromëss eenege kann, wou de Fong eventuell no de Regele vum CRTIB ausschreift, an iwwert dës Manéier wär vläicht den Doléancë vun der Chambre des Métiers Rechnung gedroen, wéi och de Vuë vun der Regierung an dësem Projet.

Als Ofschloss wëll ech nach e puer méi generell Remarke maachen. Et gi Stëmmen aus der Oppositioun, an dat hu mer an der Kommissioun héieren, déi soen - elo ass den Här Bartolomeo net méi hei -,...

**M. le Président**.- En héiert dobaussen!

**M. Lucien Clement** *(CSV)*.- ...datt d'Orientéierungsdebatt elo sans objet ginn ass. Ech deelen dës Meenung awer ganz a guer net. Och nom Vote vun dësem Projet ginn et nach e ganze Koup Saachen an der Wunnengspolitik, déi kënnen, oder souguer musse reforméiert ginn. Dat ass den Objet vun der Orientéierungsdebatt, déi am Prinzip, géif ech soen, Enn 2002 oder am Januar 2003 stattfanne misst.

Ech wëll dat un Hand vun e puer Beispiller, ouni wëllen der Orientéierungsdebatt virzegräifen, beweisen.

Éischtens mussen d'Prozeduren am Urbanismus, dat heescht, d'Gesetz vum 12. Juli 1937 iwwert den Aménagement des villes grëndlech iwwerschafft ginn. Déi administrativ Prozeduren um Niveau vun de Bebauungspläng an de Baugenehmegunge sinn ze schwéierfälleg an daueren och ze laang. Hei gëtt déi duebel Kompetenz vum Innenministère an de Gemenge gefuerdert. D'Handwierkerkummer berifft sech op eng Etüd vun der Association luxembourgeoise des Organisateurs de la Construction, ALOC, déi weise soll, datt d'Problemer um Wunnengsmarché och zum Deel an der Schwéierfällegkeet vun den administrative Prozedure leien. Wann een dëser Etüd gleewe kann, da wär am Moment eng Bausurface vun ongefeier enger Millioun m² um Instanzewee, fir autoriséiert ze ginn.

Dat entsprécht genee 5.000 Appartementer an 800 Eenzelwunnengen. Ech kann dës Zuelen net iwwerpréiwen, mä wann dës Zuele richteg wieren oder sinn, géif dat awer vill Froen opwerfen, an da misst eng Reform esou séier wéi nëmme méiglech ëmgesat ginn.

Zweetens muss d'Bail à loyers-Gesetz nach reforméiert ginn. Den Investissement a Mietwunnenge muss erëm méi interessant ginn. Dat ass am Programme d'action logement virgesinn. Interessant gesinn ech net onbedengt eleng de finanzielle Plang. Ech sinn der Meenung, dass d'Rechter an d'Flichten op déi zwee Partner, dat heescht, de Propriétaire an de Locataire, à part égale musse verdeelt ginn. Geschitt dat net, bleiwen och an Zukunft mat Sécherheet finanziell fir all Mënsch erschwinglech Wunnengen, ech soe just déi, fir déi vläicht net esou een héije Loyer gefrot gëtt, eidel stoen.

Et ass esou an der Praxis, dass wa bei Wunnengen, déi nach ëm déi 10.000, 12.000 oder 15.000 Frang léien, wat eeler Wunnenge sinn, wierklech déi Rechter a Flichten net vu béide Partner kënnen agehale ginn, oder mussen agehale ginn, an dann ass deen ee Partner éischter gewëllt, fir se eidel stoen ze loossen, an dat ass am Prinzip eigentlech Schued, well dat si just déi Wunnengen, déi an déi Kategorie falen, wou mer soen, wou mer der net genuch hunn.

Drëttens muss ee sech Froe stellen, ob een um fiskaleschem Plang nach nobessere kann. Fir d'Bauspuere méi interessant ze maachen, muss ee sech Gedanken iwwer eng Erhéijung vum Abattement fiscal maachen. Am Moment läit den Abattement beim Bauspuere bei 670 Euro fir e Jonggesell. Dat ass am Prinzip e bësse wéineg. Firwat kann een net dëse Betrag erhéijen? D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hei konkret Propositioune gemaach. Si proposéiert 1.500 Euro fir e Jonggesell, 3.000 Euro fir eng Koppel, plus nach eng Kéier 1.500 Euro Fräibetrag fir e Kand.

Eng weider Méiglechkeet wier e gesetzleche Kader, fir e Fonds d'investissement immobilier ze schafen, wou den Investisseur e gewëssene Betrag vun der Steier ofsetze kënnt. Laut mengen Informatioune sollen esou Immobiliëfongen an Däitschland relativ gutt fonctionnéieren.

Et kann een nach aner vill Beispiller opzielen, déi zur Verbesserung vun der Logementspolitik bäidroe kënnten. Ech wëll awer hei net der Orientéierungsdebatt virgräifen, eng Debatt, vun där ech mer perséinlech nach ganz vill Impulser erwaarden. Impulser awer och, déi aner Ministèrë betreffe wéi dee vum Logement. Dat beweist nach eng Kéier, datt et richteg war, fir dëst Gesetz séier ëmzesetzen.

En Débat iwwert de Logement verléiert dofir mat Sécherheet net u Wichtegkeet an och net u Wierksamkeet. Ech fannen d'Virgehensweis vum Minister Boden, fir dat Gesetz hei elo op den Instanzewee bruecht ze hunn an och ofstëmmen ze loossen, richteg. Ech kann dat nëmmen ënnerstëtzen. Ech kann do mäi Frënd, de Mars Di Bartolomeo, net ënnerstëtzen, wann hie seet, dat wier Fléckaarbecht.

***(Interruption)***

Et ass guer net onorthodox, well et sinn e ganze Koup Moossname getraff ginn an deem heite Gesetz, wou och den Här Di Bartolomeo der Meenung ass, datt se gutt getraff gi sinn, an datt se och séier sollen ëmgesat ginn. Et kommen nach e ganze Koup Suggestiounen, mengen ech, déi mat dem heite Gesetz herno en fin de compte guer näischt ze dinn hunn, oder wäerteen ze dinn hunn. Dofir war et wichteg, datt mer dat hei gemaach hunn, a mir sollen eisen Débat féieren. Den Här Minister Boden huet eis an der Kommissioun gesot, datt en och dorauser nach kënnt Konklusiounen zéi-

en, wat déi eenzel Reglementer géif betreffen, wann en déi hélt.

Schlussendlech hoffen ech dann awer, datt de Gesetzesprojet, dee mer haut virleien hunn, eng breet Zoustëmmung an der Chamber fanne wäert. Et ass a mengen Aen e modernen Text, e sozial gerechten Text. E wäert mat Sécherheet säin Deel dozou bäidroen, fir de Wunnengsbau an de soziale Wunnengsbau hei zu Lëtzebuerg nei ze dynamiséieren.

Am Numm vun der CSV-Fraktioun ginn ech selbstverständlech och den Accord zu dësem Projet, an ech soen lech alleguerten, déi heibanne waart, merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Simone Beissel agedroen. D'Mme Beissel huet d'Wuert.

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech och dem Rapporteur Norbert Haupert merci soen, fir säin excellente Rapport, an doniewent awer och dem Mars Di Bartolomeo, fir seng engagéiert Presentatioun.

Ier ech op déi eenzel Dispositioune vum Projet de loi iwwert d'Aides au logement aginn, well ech drun erënneren, datt de Sënn an den Zweck vun der Debatt vun haut e Gesetzesvirschlag vun der Regierung ass, mä do virdrun och deelweis fousst op d'Proposition de loi vum Mars Di Bartolomeo. Dat ass awer och de Grond, an ech well dat esou ëmräissen, firwat ech haut net de Gesamtëmschlag vun der Logementsproblematik wäert maachen, mee just e puer wesentlech Realitéite wäert ervirhiewen.

Här President, mir hunn hei e Projet virleie mat enger Rei vun neien Dispositiounen, déi d'Gesetz vun 1979 modifizéieren, an déi esou ze soen an enger Linn leie mam Koalitiounsaccord vun 1999. Ech zitéieren: "Le Gouvernement mènera, en étroite collaboration avec les communes et les promoteurs publics, une politique active du logement. Une attention particulière sera accordée dans ce contexte à la gestion du sol et à la spéculation foncière, afin de promouvoir un développement du logement à l'intérieur des agglomérations et d'éviter la rétention, à des fins spéculatives, de places à bâtir immédiatement constructibles." An nach eng lescht Zitatioun: „ En vue de constituer à moyen terme un parc de logement locatif répondant aux besoins de la population, le Gouvernement procèdera à une majoration sensible du taux de subvention, accordé aux divers promoteurs publics, lors de la création de logements sociaux locatifs."

Dës an aner Initiative fanne mir zum Deel an deenen dräi Gesetzer iwwert d'Steieren, d'TVA an den Enregistrementstaxen an och am Projet de loi, dee mir haut diskutéieren, erëm. Et versteet sech natierlech vun eleng, dass, vu d'Situatioun vum Logementsmarché dëse Grapp vu Mesuren net duergeet, fir eng substantiell Verbesserung op d'laang Dauer erbäizefëieren. Well d'Regierung sech fir eng global a regional Strategie am Beräich vum Logement entscheet huet, dierf een domat rechnen, datt op kuerz oder laang zousätzlech Mesure proposéiert ginn. Ech hunn dat jo och an der Kommissioun gesot, an ech wëll dat nach eng Kéier hei ervirhiewen. Mir sinn um richtege Wee, mä mir sinn amgaang e grousse Puzzle ze bauen. Mir sinn elo bei deenen éischte Stécker eréischt amgaang, déi dëse Puzzle sollen zesummesetzen an et mussen nach e Koup aner Mesuren onbedéngt nokommen.

An deem Kontext huet d'Chamber mat der kommender Orientéierungsdebatt iwwert de Logement, déi jo a Virbereedung ass, d'Méiglechkeet hir Verbesserungsvirschléi virzedroen. Meng Fraktioun wäert am Kader vun dëser Orientéierungsdebatt op déi eenzel Volete vun der Wunnengsproblematik agoen, an dofir wäert ech mech haut méi punktuell op de Projet de loi a seng Objektiver limitéieren. Ech géif et nämlech Schued fannen der Orientéierungsdebatt, déi versprécht ganz interessant a breetgefächert ze ginn, zevill virzegräifen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis ganz Gesellschaft huet sech an de leschte Jore bedeitend verännert. Selbstverständlech muss dës wirtschaftlech a sozial Evaluatioun berücksichtegt ginn, wann ee laangfristeg d'Evolutioun vun der Offer a vun de Präisser um Wunnengsmaart wëllt duerch wuel iwwerluegte Léisungsvirschléi beaflossen. Mir wëssen alleguerten, datt d'Problematik um Wunnengsmaart zu Lëtzebuerg relativ komplex ass. Engersäits sinn d'Präisser vun den Terrainen an de Logements en propriété extrem héich, wat mat sech bréngt, datt vill Leit finanziell net d'Méiglechkeet hu sech en Eegenheem unzeschafen, anerersäits gëtt et net genuch Wunnengen um Lokatiounsmarché.

Dësen Déséquiliber tëschent der Demande an der Offer vu Wunnengen ass - an dat wësse mer, et ass haut ënnerstrach gi vun alle Säiten - haaptsächlech op sozio-ekonomesch an demographesch Realitéiten zréckzefëieren D'Resultat awer ass déi sougenannte Pénurie vum Logement. Mä ech soen déi sougenannten, well ech hunn d'Impressioun, datt den Term vu Pénurie net 100%teg richteg ass. Et geet éischter ëm Inéquatioun oder Distorsiounen tëschent der Offer an der Demande.

Schonn 1993 huet d'Mme Brasseur am Kader vun den Debatten zu enger Modifikatioun vum Gesetz vun 1979 iwwert d'Aides au Logement d'Facteuren opgezielt, déi vill zu där sougenannter Pénurie bäidroen, Facteuren, déi haut och nach ëmmer richteg sinn.

Éischtens de stännege Wuesstem vun eiser Populatioun.

Mer wëssen, datt zënter 1991 an 2001 57.000 Leit méi an eisem Land wunnen, Leit, déi all oder vill vun hinnen eng Wunneng musse fannen.

Zweetens, dat ass och schonn ugeklommen, d'Zesummesetzung vun de Familljen huet sech am Laf vun der Zäit verännert. Ufanks dem 20. Joerhonnert huet en Haushalt an der Moyenne aus fënnef Persoune bestanen, 2001 sinn et nach just 2,56 Persounen. Déi jonk Leit zéien ëmmer méi fréi vun doheem aus, an ëmmer méi eeler Leit bleiwen hautdësdaags doheem. Oft eleng, mee esou laang wéi se et packen, versiche se an hirem Haus ze bleiwen. Schonn eleng dës Entwécklung géing bei gläichbleiwender Zuel vun Awunner verlaangen, datt parallell dozou awer d'Zuel un disponibel Logementer géing wuessen. Dobäi kënnt dann d'Zuel vun de Baugenehmegungen déi, op dräi Joer gekuckt, réckleefeg ass, och wann d'éischt Semester 2002 erëm eng aner Tendenz opweist, mat engem Plus vun 11,3% par rapport zu 2001. D'Grënn, déi fir dës Entwécklung oft genannt ginn, betreffen deelweis d'Gemengen, déi sech ëm d'Liewensqualitéit vun hire Stiet, respektiv Dierfer Suerge maachen, wa se ze séier an ze vill nei Leit bäikréien.

Zousätzlech erfuerdert d'Wuesse vun enger Gemeng eng ganz Rei vun noutwendegen Infrastrukturen, déi mat héije Käschte verbonne sinn, an oft net genuch vum Stat subventionéiert gi sinn. D'Bedenke vun de Gemenge sinn an deem Sënn duerchaus ze verstoen an och gerechtfäerdegt.

Den zweete Punkt - dat ass och ugeklommen - ass déi Schwéierfällegkeet vun de Prozedure bei den Autorisatiounen, mee ech mengen, dat ass ee vun de Punkten, dee mer an der Orientéierungsdebatt onbedéngt mussen op de Métier huelen, fir ze kucke, awéiwäit mer dat kënne méi effikass gestalten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Stat huet am Laf vun de vergaangene Joren eng Serie vun Dispositiounen ergraff, fir dëser déséquilibréierter Situatioun um Wunnengsmaart Meeschter ze ginn. Am Rapport vum Norbert Haupert steet eng global Lëscht, hien huet se och ugedeit, an där all dës Instrumenter opgezielt sinn. An dem Sënn wëllt ech just e puer Wierder zu all deenen Aiden, Primen, Subventiounen a Bonifikatioune soen, déi de Stat ubitt, fir engem Maximum u Leit den Accès zu engem Eegenheem ze erméiglechen.

Öfters gouf awer just dës Subventiounspolitik kritiséiert, well se éischtens extrem deier ass, an zweetens ausschliesslech un d'Demande um Wunnengsmaart geriicht ass. D'Chambre de Commerce seet zum Beispill an dësem Kontext: „Ces mesures peuvent être efficaces et opportunes lorsque l'offre de logement peut suivre la demande croissante de logement. A défaut, la politique de subventions au logement s'avère inefficiente à maint égard et surtout du point de vue budgétaire."

Tatsächlech ass et net vun der Hand ze weisen, wann d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers awer drop hiweisen an unerkennen, datt all déi Subventioune ganz ville Leit zu engem Eegenheem verhollef hunn. Gläichzäiteg awer huet sech d'Demande kontinuéierlech vergréissert. An, wa mer éierlech sinn, an et ass schonn ugeklongen, et ass zwar net 100%eg ze beweisen, mee ech menge mer däerfen eis net der Illusioun higinn, datt op d'mannst verschidde vun de Propriétairë vun Terrainen oder Wunnengen all dës staatlech Hëllefen net an hire Verkafspräis verrechent hätten. Dës Fakte ginn och am CGFP-Avis, dee mer jo elo zougestallt kruten, zitéiert. D'CGFP seet, dass déi Fakten "dévorent rapidement les aides que l'Etat accorde, et qui sont détournées de leur destination."

Dobäi kënnt, datt d'Situatioun um Locatiounsmarché bei wäitem net optimal ass, an dat virun allem well mer e Mietgesetz hunn, an ech mengen, dat ass hei vun alle Bänken ugeklongen, dat anakronesch a kontraproduktiv ass, well et net méi der Realitéit um Terrain ugepasst ass. Mir hunn dat Gesetz wuel op e puer Punkten adaptéiert, mee dat bréngt leider nach kee Propriétaire dozou, fir eeler Wunnengen ze verlounen, well do den Héichsaz, deen ee pro Zëmmer ka froen, esou niddreg ass, datt vill Propriétairen et virzéien, hir Wunnraim eidel stoen ze loossen. Allerdéngs ass dat just dee Wunnraum, dee virun allem fir déi Leit accessibel ass, déi net esou gutt do stinn, esou datt, fir déi sougenannte Pénurie ze behiewen, eng Reform vum Loyersgesetz eng absolut Prioritéit ginn ass.

Natierlech ass déi nei Mesure, fir den accéléréierten Amortissementssaz vu 4 op 6% ze héijen, e wichtege Schrëtt, fir d'Locatioun vun Immobilien interessant ze gestalten. Et gëtt awer nach eng Rei aner Problemer, déi misste geléist ginn.

Fir ons als DP gëtt et mindestens zwee Punkten, déi séier sollen op de Métier geholl ginn. Éischtens muss d'Differenz tëschent de Wunnengen, déi virum 1. September 1944 gebaut goufen, respektiv déi duerno gebaut goufen, definitiv opgehuewe ginn. Dat Gesetz vun 1955 ass geholl gi mat deene Moossnamen zu enger Situatioun op de Marché, deen awer trotzdeem net mat dem heite vergläichbar ass, an et misst wierklech schnellstens gemaach ginn.

Zweetens soll niewent den Interesse vum Locataire awer trotzdeem net déi vum Propriétaire op der Streck bleiwen. Et geet net drëms fir einfach de Propriétaire d'office ze verdäiwelen. Mir wëssen och, datt et e Koup Locatairë gëtt, déi schlecht Bezueler sinn, et gëtt Locatairen, déi heiansdo hir Logementer an engem katastrophalen Zoustand un de Propriétaire zréckginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu virdrun drop higewisen, datt oft d'Demande um Wunnengsmaart vill stimuléiert ginn ass am Géigesaz zu der Offer. Well d'DP grondsätzlech der Meenung ass, datt e Rapprochement vun der Demande an der Offer nëmmen iwwert de Wee vun enger aktiver Wunnengspolitik ka geschéien, déi sech intensiv mat der Offer beschäftegt, an do nei Massstäb setzt, begréisst meng Fraktioun natierlech, datt de Projet de loi iwwert d'Aides au logement nei Dispositioune virgesäit, déi sech engersäits un d'Offer riichten, an anerersäits d'Locatiounsmarchéen ukuerbele sollen.

Ee vun den Haaptobjektiver vum Projet de loi, dee mer haut virleien hunn, betrëfft jo de Parc locatif public, deen insgesamt 11,43% vun dem Logement locatif ausmécht. Fir de Parc locatif public auszeweiden, gesäit dëse Projet vir, d'finanziell Mëttele vun de Promoteurs publics vun de viregte 40% op 70, respektiv 75% ze héijen. D'Demokratesch Partei begréisst dat, hätt awer net ongär nach e Schrëtt weider gesinn, an zwar d'Virschloe fir de private Promoteuren, déi an de subventionéierte Logement investéieren, och an Zukunft ënnert d'Äerm ze gräifen, fir dat Potential, dat de Lëtzebuerger Wunnengsmarché grad am Beräich vun de Mietwunnenge besëtzt, besser ze förderen. Doriwwer eraus sollen de Stat oder d'Gemengen net déi eenzeg sinn, déi sech um Investissement an dem soziale Wunnengsbau bedeelege kënnen.

D'Aféierung vum laang erwaarte Carnet de l'habitat soll viraussichtlech och zur Erweiderung vun der Wunnfläch bäidroen. D'Kritäre fir Renovatioun, Salubritéit an esou weider hëllefen déi bestehend Wunnfläch nei ze gestalten. Et muss jo net ëmmer nei gebaut ginn, dat bestehend dierf roueg genotzt ginn.

Weider fënnt déi staatlech Garantie d'lokativ Zoustëmmung vun der DP. Mir dierfen nämlech net vergiessen, datt et niewent deene Leit, déi sech en Eefamilljenhaus oder eng subventionéiert Mietwunneng leeschte kënnen, och nach ganz vill Familljen a Persoune gëtt, déi sech net grad, just net, et geet grad net duer, eng eege Wunneng leeschte kënnen, mee op där anerer Säit fir eng subventionéiert Wunneng sinn awer hir Revenuë vläicht ze héich. Déi leie just tëschent de Maillone vum Filet. Mat der staatlecher Garantie locative wäerten och dës Leit méi einfach Accès zu enger Mietwunneng kréien, déi hire perséinlechen oder duerch de Beruff begrënnte Virstellungen entspriechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung plangt jo och fir déi staatlech Garantie nei ze aktivéieren, andeems se vun 12.500 op 18.750 Euro, Indice 100, eropsetzt. Dëst Instrument gëtt also adaptéiert, well et steet jo schonns am Gesetz vun 1979. Allerdéngs muss een hei bemierken, an ech mengen, dat wësse mer alleguerten hei an dësem Sall, datt nëmme wéineg Ménagen, ze wéineg, an de Genoss vun dëser Ënnerstëtzung komm sinn, well si, an dat ass jo eng vun de Konditiounen, net genuch oder net laang genuch gespuert hunn. D'Chambre professionnelle an och de Statsrot weise sech kritesch, skeptesch op d'mannst, net ganz positiv, a kritiséieren och d'Initiativ, fir all neigebuere Kand ronn 100 Euro ze iwwerweisen, als Ufankszomm vun engem Compte-épargne logement. Dat as sécherlech eng Mesure, iwwer déi ee kann diskutéieren, wéi wäit se cibléiert ass, ob se eppes bréngt. Jiddefalls a mengen Ae setzt se e positiven Akzent an ech wëllt se ënnerstëtzen.

Erzielt ass, dass sech déi Interesséiert a Responsabel eigentlech alleguerten eens sinn, dass d'Wunnengspolitik sech haut an enger éischter Phas konsequent op d'Offer vum Marché soll konzentréieren.

Här President, Dir Dammen an dir Hären, fir d'Wunnengsbauproblematik lues awer sécher an de Grëff ze kréien, ass d'Demokratesch Partei der Meenung, an d'Regierung huet sech dat jo virgeholl, dass nëmmen eng global Strategie, e Package-deal, e Bündel vu Mesuren, deen all eenzel Kritäre berücksichtegt, de richtege Wee ka sinn. Dës Politik limitéiert sech net nëmmen op Subventiounen oder steierlech Moossnamen. Si betrëfft och den Aménagement du Territoire, eng gesond Notzung vun der Wunnfläch, déi eis d'Land huet, ob dat al Gebaier oder ongenotzten Terraine sinn, d'Zesummenaarbecht vun de Gemenge mam Stat, d'Realisatioun vun den néidegen Infrastrukturen, Schoulen, Kanalisatioun an esou weider.

Mir als DP begréissen et dofir, dass de Projet de loi virgesäit de Promoteur public ze chargéieren, fir déi néideg schoulesch Infrastrukturen oder Garderien an hire Wunnengsprojete virzegesinn. De Stat selwer soll tëschent 50 bis 70% zu den Infrastrukturkäschte engersäits beim Aménagement vu Bauplazen, da Spillplazen, Gréngzone bäidroen, eng Mesure déi sécher fir d'Familljen, well finalement ass Logementspolitik ganz no bei der Familljepolitik, mee och ons Gemengen alleguerte bestëmmt wäert freeën. Et geet jo drëm, fir d'Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg nach ze verbesseren. Mee och am private Milieu sollen dës oder ähnlech Investissementer interessant gemaach ginn. An Zukunft musse mir all dës an nach weider Kritäre spille loossen, wat de Wunnengsbau ubelaangt. Vill ze oft sinn d'Wunnengen zum Beispill net esou affektéiert, wéi et u sech am PRG virgesinn ass. Kucke mer emol als Beispill d'Stad Lëtzebuerg, wou jo Metercarréen a Metercarréen am PRG als Wunnengsfläch ausgewise sinn, mä déi dann awer, leider, nach ongestrooft als Bürosraim genotzt ginn, ouni dass d'Gemeng ka mat hirem heitegen Handlungsrecht direkt an drastesch sanktionéieren. Vläicht wier et jo eng Iwwerleeung wäert, wann ee sech emol géing Gedanke maachen, ob een net awer soll, wann näischt méi notzt, eng spezial Tax aféieren, wann d'Wunnfläch zweckentfriemt genotzt gëtt.

***(Interruption)***

Här Henckes, liberal huet näischt mat Laxismus a mat Ondisziplin ze doen.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Mir musse kucken, dass mer dat an der Stad Lëtzebuerg duerchgesat kréien.

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- Dat ass eng Iddi vun eisem Buergermeeschter.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Da muss hien et maachen.

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- Här President, mee och eng gesond Mëschung vun all den Awunner muss als Prioritéit beim Plange vun neie Wunnengsgebidder considéréiert ginn. Lëtzebuerg huet nach keng Slummen, keng Ghettoen, mee Lëtzebuerg wëllt och keng an nimools där kréien. Dofir approuvéiert d'DP d'Décisioun, fir bei de Constructions d'ensemble 10% Mietwunnenge virzegesinn, anstatt déi viregt, relativ rigid Regel vun de 25 Logementsunitéiten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet setzt ouni Zweifel e wichtegt Signal am Wunnengsbau. Dofir wäert meng Fraktioun dëse Projet als weidere Schrëtt an déi Richtung am Wunnengsbaupuzzle selbstverständlech droen. Et bleiwen zwar nach eng helle Wull u weidere Problemer, déi mussen analyséiert a geléist ginn. D'Gemengen, de Stat, d'Promoteuren an d'politesch Responsabel op allen Niveaue si gefuerdert an opgefuerdert, e kommunikativen an zum Deel vläicht innovativen Dialog an dësem Sënn weiderhin intensiv ze féieren.

Ech soen lech merci!

**M. le Président**.- Merci, Madame Beissel. Den nächste Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo.

***(Interruption)***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP) auteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann et dem Här Rippinger net gefält, wäert ech probéieren als mandatéierte Spriecher vu menger Fraktioun esou kuerz wéi méiglech ze sinn.

Fir d'éischt emol eng Virbemierkung. Ech si frou, dass déi Meldungen, déi de Moien an der Press waren iwwert de Rapport vun der Cour des Comptes, iwwer méiglech Irregularitéiten am Zesummenhang mat dem Bilan vum Fonds de Logement vun 2000, hei net op dëser Tribün vun den eigentleche Problemer vum Wunnengsbau bis elo ofgelenkt hunn, an dass, wann eng Diskussioun noutwendeg ass, déi an där Enceinte stattfanne wäert, déi dofir do ass, nämlech an der Kommissioun vum Contrôle budgétaire, haaptsächlech wat d'Noutwendegkeet vu Budgeten oder Netbudgeten bei dem Fong ugeet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären ech hunn a menger Intervention zu der Proposition de loi eng Rei vu Vergläicher scho gezunn tëschent der Proposition de loi an dem Gesetzprojet, an ech brauch dofir op eng ganz Rei vun Elementer net méi anzegoen, bedaueren awer och als mandatéierte Spriecher, dass déi Projeten, déi bis elo vun der Regierung a Saache Wunnengsbau komm sinn, hallefhäerzeg sinn an nëmmen allenalls eng Etapp kënnen duerstellen. Mir maachen hei héchstens hallef Aarbecht an hunn déi aner Halschent vun der Aarbecht jiddefalls nach virun eis.

Ech wëll un e puer Beispiller dat dokumentéieren. Eischtens emol un Hand vun engem Usaz, deen ech am ursprüngleche Gesetzestext excellent fonnt hunn, an zwar direkt an de Preambelen, wou et geheescht huet, dass mer den Droit au logement wéilte promovéieren, wat a mengen Aen eng vun deene kruziale Froen ass, déi mer musse klären an och eng vun deenen Haaptzilsetzungen, déi mer eis musse ginn. An dem ursprünglechen Text war also den Droit au logement festgehalen. Op Grond vum Avis vum Conseil d'Etat ass dat ëmgeännert ginn an d'Promotioun vun der Accession au logement.

Ech sinn der Meenung, datt mer am ursprüngleche Projet um richtege Wee waren, an dass d'Recht op eng dezent Wunneng en elementaart Mënscherecht ass. Ech stinn net eleng do, den Här Garcia wäert herno nach dorop zréckkommen, an dass, wa mer der Meenung sinn, dass et sech ëm e fundamentaalt Recht vu jidderengem handelt, grad ewéi d'Recht op Aarbecht, en dat soll och fest verankeren, an dass ee sech virun allem soll d'Mëttele gi fir dat Recht ze realiséieren.

Dofir kënnt eis Propositioun un eis selwer, net un d'Regierung, dass mer d'Recht op Wunnen an eis Verfassung ophuelen. Här President, ech wëll mer erlaben am Numm vun eiser Fraktioun eng Resolutioun, e Projet de résolution ze deponéieren, fir als Chamber dru matzewierken, dass mer e regelrecht Recht op d'Wunneng kréien, verankert an eiser Verfassung.

***Résolution 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le droit au logement devrait être garanti à chacun au même titre que le droit au travail;*

*- considérant les objectifs de la loi du 25 février 1979 concernant l'aide au logement, à savoir " promouvoir l'accession à la propriété immobilière des personnes à revenu modeste, la viabilisation régulière de terrains à bâtir, la construction d'ensembles de logements à coût modéré, l'assainissement de logements anciens, la création de logements locatifs publics ";*

*- considérant que malgré les progrès réalisés par la susdite loi, la situation du marché immobilier de par ses multiples facettes devient de plus en plus complexe et inaccessible pour un nombre important de personnes;*

*- considérant que l'envergure de la problématique en matière de logement est devenue de plus en plus critique depuis la dernière décennie;*

*- considérant que la "Commission Spéciale Logement" de la Chambre des Députés a déjà en date du 15 novembre 1990 souligné la gravité de la situation:*

*"Wunnen as e Mënscherecht" est un slogan qui ne cesse de retenir l'attention depuis des mois au Luxembourg.*

*En effet, un des droits de l'homme fondamentaux est bafoué dans notre société qui se caractérise par un certain bien-être et un boom économique indéniable; ainsi notre pays se trouve à la pointe du progrès économique et social dans la Communauté Economique Européenne.*

*Pareille situation (...) est en contradiction flagrante avec la situation dans le domaine du logement où de graves problèmes existent et où la situation ne cesse de s'aggraver."*

*- considérant que le Pacte international relatif aux droits économiques, sociaux et culturels, adopté par l'Assemblée générale des Nations Unies en 1966, définit le droit au logement "comme le droit à un lieu où l'on puisse vivre en sécurité, dans la paix et la dignité, et cela sans distinction de revenus ou de toutes autres ressources économiques";*

*- estimant que l'absence d'un logement est un facteur d'exclusion sociale;*

*décide*

*- d'intégrer le droit à un logement pour chacun dans la Constitution au même titre que le droit au travail (Art. 11, alinéa (4)).*

*(s.) Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.*

Wa mer dann driwwer diskutéiere wat fir eng Mëttele mer dofir brauchen, fir dat Recht kënnen ze realiséieren, da muss ee soen, dass et sech ëm e ganzt Arsenal vu Mëttelen handelt. Eischtens musse mer eis eens ginn, wat mer an deem Beräich wëllen, wat mer brauchen, eng seriö Bedarfsplanung maachen. Dofir musse mer d'Situatioun genee kennen, an déi hu mer bis elo net kannt.

Da brauche mer, fir e seriösen Acteur um Gebitt vum Wunnengsmaart ze ginn, seriö Baulandreserven a mir mussen eis eens ginn, wéi mer mam allgemenge Gutt Buedem wëllen ëmgoen, ob mer et zouloossen, dass mam allgemenge Gutt Buedem spekuléiert gëtt, oder dass mer Spillregele musse festleeën.

Mir mussen eis eens ginn iwwer nei urbanistesch Konzepter, wou mer méi spuersam mat eisem klengen Territoire mussen ëmgoen. Mir mussen eis eens ginn iwwer eng partnerschaftlech Approche, wou mer eis Äntwerten op Froe ginn, wie ka wat am beschten, a wéi kann een deem aneren an deem dote Beräich am beschten zur Säit stoen. Mir mussen d'Ursaache kenne fir dee Baustau, mat deem mer konfrontéiert sinn, a mir mussen eis Mëttele ginn, fir deem entgéint ze wierken. Mir mussen eis en Instrumentarium ginn, deen aus engem Zesummewierke vu steierleche Moossnamen, Hëllefen, urbanistesch Regelen, an d'Diskussioun mat allen Acteure besteet, a mir mussen et virun allem fäerdeg bréngen an Zukunft Eegenheem a Locatif mat därselwechter Opmierksamkeet ze behandelen, wat mer an der Vergaangenheet, an ech hunn dat virdru gesot, net gemaach hunn. Ech zitéiere just e gudden Avis vun der SNHBM, wou festgestallt gëtt, dass deen, deen d'Chance huet, staatlech Hëllefen ze kréien, deen deen d'Chance huet, fir eng staatlech ënnerstëtzte Wunneng ze kréien, den Avantage iwwer eng ganz Period vun zwou, respektiv dräi Milliounen huet vis-à-vis vun engem, deen iwwerhaapt net gehollef kritt, an dobäi handelt et sech ëm déi Kategorie, déi heiansdo am schlechtste bestallt ass.

Zum Projet de loi wëll ech dat widderhuelen, wat vun e puer Virriedner gesot ginn ass, dass eng Rei vun Akzenter, eng Rei vu gudden Akzenter dra sinn, dass eng Rei vun Déclarations d'intention dra sinn, déi iwwert dee Stadium am Moment net ewech kommen, well d'Ausféierungsbestëmmunge feelen. Et feelen eng ganz Rei vu wichtege Règlements grand-ducaux. Mir hunn an der Chamberkommissioun dorop higewisen, mir hun en Deel vu deene Règlements grand-ducaux am Virentworf kritt, mee mir hu se net alleguer kritt. D'Regierung schéngt awer an eenzelne Punkten, déi am Flou artistique nach leien, scho méi ze wëssen, well an der Fiche financière sinn e puer Elementer dran, déi mir bis elo net bekannt waren, an déi och an der Diskussioun net esou eriwwer komm sinn. Dat heescht, mir bedaueren, datt d'Règlements grand-ducaux net virleien. Mir konstatéieren och, dass et beim Projet un deem noutwendege Courage feelt, fir an enger Rei vu Beräicher méi wäit ze goen. Ech brauch net dorop zréckzekommen, well ech dat virdru schonn erwähnt hunn, an ech brauch och net dorop zréckzekommen, dass d'Regierung Angscht virum eegene Courage a Saache Statsgarantie huet, an dat ëmsou méi, well se mat Risiko Zéro verbonnen ass.

Dann zu engem vun deene Punkten, deen awer als fundamental an dësem Projet duergestallt gëtt, d'Prime d'encouragement fir Bauspueren. Si gëtt festgehalen als Alternativ zu enger méi wäitgoender Statsgarantie, a gëtt als Gadget duergestallt, fir d'Leit oder d'Kanner dozou unzereizen, fir an Zukunft sech dat Kapital unzespueren, dat se brauchen, fir e Prêt ze kréien.

Mir sinn eis alleguer eens, dass déi 100 € an deem Moment, wou d'Kanner se kréien, héchstens duergi, fir e gréissert Legohaus, héchstens duergi fir e Poppenhaus, jiddefalls awer net dozou ugedoe sinn, fir d'Problemer um Wunnengsmaart vun haut ze léisen, an déi Problemer hu mer haut. Déi 100 €, déi d'Neigebuere solle kréien, an ech wonnere mech e bëssen driwwer, dass ech esou an de Wandelgäng vun der Kommissioun héieren hunn, dass mer eng nei Definitioun wëlles hu vun den Neigebuerenen. Den Neigebuerene soll an Zukunft bis zum Alter vu sechs Joer gëllen. Wann dat de Fall ass, da mengen ech, dass ech mat mengem Alter just an d'Pubertéit erakomm sinn, an dass den Här Fayot e mëttlere Véierzegjähregen ass, wa mer an där doter Definitioun bleiwen. Mee Spaass bei Säit, deen dote Gadget, deen d'Regierung sech ausgeduecht huet, ass zwar e Geste, wou eigentlech keen esou richteg dergéint ka sinn, well et jo awer eppes gëtt. Et gëtt eng Prime fir ze spueren. Dat ass och eppes, wat een u sech kann akzeptéieren, mee wéi gesot, ech bedaueren, dass et net zu enger Direkthëllef kënnt, fir d'Logementsproblemer vun deene Familljen ze léisen, déi vläicht muer Puppelcher kréien, oder déi kleng Kanner hunn, mee et gëtt eréischt envisagéiert d'Problemer vun deene Kanner, déi vläicht haut mat enger schwiereger Wunnsituatioun konfrontéiert sinn, an 20 Joer ze léisen. A wann ee schonn op deen dote Wee geet, Här Minister, wann een Neigebuerenen dat do wëllt zoukomme loossen, awer eng Klausel sech ausdenkt, dass dat bis zu sechs Joer ka gräifen, da proposéieren ech der Regierung, an ech wëll och an deem Sënn eng Motioun abréngen, dass een déi Prime d'épargne Logement jiddfer Kand hei zu Lëtzebuerg zoukomme léisst, wëll et gëtt eigentlech kee Grond, dass een dat limitéiert op Neigebueren. Ech mengen, d'Spuere fir Kanner ass grad esou wichteg wéi d'Spuere bei Neigebuerener, a wa mer eppes maachen, Här Minister, da solle mer et ganz maachen, an net nëmmen usazweis. Da kënne mer vläicht och op dat Argument reagéieren, dat d'CGPF bruecht huet, déi gemengt huet, dass déi Moossnamen, déi an dësem Projet virgesi sinn, net couragéiert genuch sinn, an dass d'Regierung zimlech spuersam an deem dote Beräich ass.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la pénurie de logements à prix abordables;*

*- sachant que bon nombre de personnes ne sont plus en mesure d'acquérir un logement en propriété;*

*- constatant que depuis l'année 1991, ni le cercle des bénéficiaires des primes d'acquisition, de construction ou de rénovation, ni le montant des primes n'ont pu suivre l'évolution des prix du marché, ce que le Gouvernement a confirmé dans le "Programme d'action Logement";*

*- constatant que le cercle des bénéficiaires de ces primes devrait être étendu en direction des personnes à revenu moyen;*

*- considérant ainsi la nécessité d'augmenter le montant des primes étatiques, ainsi que les revenus-plafonds pour l'octroi;*

*- considérant la proposition de loi 4908 portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement, qui entend procéder à une amélioration des aides au logement en faveur des ménages pour la construction, l'acquisition et la rénovation;*

*- considérant que l'augmentation des plafonds de revenu pour l'octroi des aides devrait être de 50% et celle des montants des aides en capital de 25%;*

*- considérant la prise de position du Gouvernement estimant que "L'introduction de ces mesures ne demande aucune intervention du législateur, sauf en ce qui concerne la prise en compte du degré d'utilisation du sol, étant donné que la loi de 1979 a réservé cette faculté au seul pouvoir exécutif (...)";*

*invite le Gouvernement*

*- à déposer jusqu'au mois de décembre 2002 un projet de règlement grand-ducal, retenant les augmentations prévues dans la proposition de loi 4908 développées ci-dessus.*

*(s.) Mars Di Bartlomeo, Alex Bodry, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.*

Ech hu virdrun drop higewisen, dass mer bedaueren, dass keng zousätzlech Akzenter komm si beim Mietwunnengsbau, oder haaptsächlech bei der Ënnerstëtzung vu Leit, déi Loyer musse bezuelen.

Da just nach zum Schluss e puer méi praktesch Iwwerleeungen zu de Missioune vum Fonds de Logement. Ech begréissen, dass d'Missioune vum Fonds de Logement ausgedehnt ginn op d'Ënnerstëtzung vun de Gemenge bei sozio-familiären an och schouleschen Infrastrukturen, wou ech awer nach eng Kéier ënnersträichen, dass dat héchstens en éischte Jet ass, an dass mer seriö sollen eis zesummesetzen, wéi mer am Problem vum Wunnengsbau de Gemenge méi seriö kënnen entgéint kommen. An ech hunn lech et virdrun ugekënnegt, mir wäerten eng Motioun déposéieren, fir der Regierung hire klengen Iertum beim Subventionéierungstaux fir öffentlech, also Gemengeschoulen ze ënnerstëtzen, vu 50 op 80%. Här Rippinger, et wäert lech net wonneren, well wann déi hei Regierung esou mëtschgieweg ass bei den Infrastrukturkäschte fir d'Privatschoulen, da mengen ech, fannen ech bei lech e ganz fruchtbaren, dass d'Kommunalschoule mindestens grad esou staark ënnerstëtzt misste gi wéi Privatschoulen aus dem Primär. Also, mir freeën eis als Gemengepäpp op deen Taux de subventionnement vun 80% fir d'Gemengeschoulen.

Dann e lescht Wuert zu der Kompositioun vum Fonds de Logement. Mir haten eng Diskussioun an der Chamberskommissioun, wou mer bedauert hunn - eng Minoritéit ginn ech zou -, dass dat heite Gesetz Ulass war, fir den Aménagement du Territoire als Departement aus dem Conseil d'Administration vum Fonds de Logement verschwannen ze loossen, mam Argument, dass haut de Ministère de l'Intérieur jo zwee Vertrieder hätt. Dat ass e falscht Argument. Et ass zwar richteg an der Verdeelung vun de Ressorte vun haut, mee ass awer falsch an der Logik vum 79er Wunnengsbaugesetz, wou ganz kloer war, dass éischtens den Intérieur vertruede sollt sinn, an zweetens den Aménagement du Territoire sollt vertruede sinn. Dofir hu mer en Amendement ze proposéieren, wou mer de Vertrieder vum Aménagement du Territoire am Fonds de Logement bäibehalen, a vun der Geleeënheet profitéieren, fir e weideren Acteur an de Conseil d'Administration vum Fonds de Logement eranzekréien, an zwar d'Gemengen iwwert de SYVICOL. D'Gemenge si jo ee vun den Haaptacteuren op deem dote Gebitt, an dofir erlabe mer eis an déi Direktioun en Amendement eranzebréngen. Här President, ech hat virdrun ugekënnegt, dass mer eng Motioun wëllte bréngen, fir eng substantiell Erhéijung vun den Hëllefen a vun de Plafonds de revenu. Ech iwwerreechen lech heimat déi Motioun an ech iwwerreechen lech d'Amendementen, déi éischtens de Subventionnement vun de Schoulinfrastrukture betreffen, zweetens d'Kompositioun vum Fonds de Logement.

***Amendement 5***

*L'article 5 du projet de loi est modifié et s'écrit comme suit:*

*"Art.14ter.- L'Etat verse en faveur de chaque enfant de moins de 18 ans un montant de 100 euros sur un compte épargne-logement en vue de le faire bénéficier des avantages prévus aux articles 3 à 10.*

*Un règlement grand-ducal fixera les modalités d'exécution du présent article."*

*(s.) Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.*

***Amendement 6***

*L'article 12 du projet gouvernemental est modifié comme suit:*

*"Un article 26bis, libellé comme suit, est inséré dans la loi:*

*Art. 26bis.- Dans le cadre de la réalisation de constructions d'ensembles de logements, l'Etat pourra participer à raison de cinquante pour cent aux coûts engendrés par ces constructions au niveau des infrastructures familiales et sociales, sans préjudice des autres dispositions légales en vigueur prévoyant des participations plus avantageuses.*

*Cette participation sera de quatre-vingt pour-cent pour la construction d'infrastructures scolaires."*

*(s.) Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.*

***Amendement 7***

*L'article 21 du projet de loi est modifié et prend la teneur suivante:*

*"Les alinéas 1er à 3 de l'article 61 de la loi sont remplacés par les alinéas suivants:*

*Le fonds est administré par un comité-directeur composé de quinze membres, nommés et révoqués par le Grand-Duc, dont trois sur proposition des organisations syndicales les plus représentatives, deux sur proposition respectivement de la Chambre de commerce et de la Chambre des métiers et du Syndicat des villes et communes luxembourgeoises. Six membres du comité-directeur sont proposés par les membres du gouvernement ayant dans leurs attributions les Finances, les Classes Moyennes, les Travaux Publics, l'Intérieur, la Famille et l'Aménagement duTerritoire."*

*(s.) Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.*

Dat gesot, Här President, wäert eis Fraktioun de Projet de loi iwwert d'Verbesserung vum Wunnengsbaugesetz vun 79 als een Element an der Diskussioun, dat awer net d'Problemer vun eisem Wunnengsbau léist. Mir proposéieren dofir nach wie vor, an dofir hu mir eis an der Zuel vun den Amendemente limitéiert, fir der Chamber d'Geleeënheet ze ginn och op déi Complémenten, déi an der Proposition de loi enthale sinn, mat ofzestëmmen, a mir wënschen eis, dass eis Orientéierungsdebatt eis d'Geleeënheet gëtt, fir weider courageis Schrëtt an d'Richtung Léisung vun de Problemer vum Wunnengsbau ze maachen. Domat sinn ech um Enn a ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président**.- Här Di Bartolomeo, wann ech gelift, ech hunn e klenge Problem hei mat der Resolutioun, wou Der mir gesot hutt, et wier e Projet an e wär och net fäerdeg. Hei hutt Der fënnef Ënnerschrëften an esou sidd Der komplett. Merci.

Den nächsten Orateur ass den Här Jacques-Yves Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Chamber am Juli d'lescht Joer décidéiert huet, fir eng Debatt iwwert d'Wunnengsbaupolitik am Land ze féieren, a wéi mer décidéiert hunn, fir eng Spezialkommissioun anzesetzen, fir dës Debatt virzebereeden a fir e Bericht mat zahlräiche Virschléi eranzeginn, huet et op eng Kéier am Ministère du Logement geheescht, elo muss séier e Projet de loi ausgeschafft ginn, wou mer verschidden nei a verschidde besser Subventiounen ënnert d'Leit verdeelen. An der Hetz gouf dunn e Gesetzesprojet ausgeschafft, dee mer haut virleien hunn an dee mer diskutéieren.

Mir sinn net déi Eenzeg déi soen, dëse Projet wier bacléiert ginn. D'Handwierkerkummer seet wuertwiertlech an hirem Avis: "Il semble que les auteurs du projet de loi dans leur hâte de bâcler le texte n'ont pas eu le temps pour effectuer un travail législatif correct". An esou ass et och gaangen.

Der zoustänneger Kommissioun vun der Chamber ass et net besser gaangen. Am Hauruck huet alles missen duerchgoen, an dofir erkläert et sech och, firwat mir eréischt haut e puer wesentlech, e puer prinzipiell Kritike géint de virleiende Projet virbréngen. Dat zur Form.

***(Interruption)***

Den Här Koepp an ech hunn awer an deenen zwou Kommissioune geschwat. Ech wor e puermol dobäi. Mir schwätzen an der Fraktioun, mee et ass kloer, dass et relativ séier iwwer d'Bühn gaangen ass. Ech kann lech just nëmme soen, datt mir an der Fraktioun iwwert déi Problemer geschwat hunn. Ech wäert lech elo soen, wou am Text d'Manktume sinn.

***(Interruption et coups de cloche de la Présidence)***

dass och nach privat Promoteure géife soziale Wunnengsbau zur Verfügung stellen, well herno misst een och nach d'Loyeren da subventionéieren, dat ass da wahrscheinlech eppes wat ekonomesch net grad sënnvoll ass.

Wat elo d'Baue selwer betrëfft, do gëtt et och Limiten, fir dat méi bëlleg ze maachen, well mir wëlle jo éischtens net, dass mer mat schlechter Qualitéit bauen, a mer wëllen awer och net den Dumping social maachen, mir wëlle jo och, dass d'Aarbechtskraaft am Bau dezent soll bezuelt ginn, a mer wëllen net, dass herno soll vun iergendwelche Firmae mat verbëllegter Aarbechtskraaft verbëllegt Haiser gebaut ginn, sou Plattenbausiedlungen, oder Ähnleches, HLMen, wéi dat am Ausland ass. Also sinn do och eis Méiglechkeeten, wat déi reng Bausubstanz ugeet, relativ limitéiert, an et mierkt een och do, wou öffentlech Promoteure bauen, dass d'Baue selwer awer nach ëmmer relativ deier bleift, an et ass haaptsächlech, also op dem drëtte Beräich, wou et gëllt offensiv ze ginn, nämlech op dem Beräich vun den Terrainen.

Déi Incitatiounsmesurë vum Gesetz vum 30. Juli 2002, déi gi jo schonn im Voraus einem gehorsam als wahrscheinlech net ganz durchschlagend considéréiert, soss hätt de Premier net scho gesot, wann se net géife gräifen, da géife méi haart Mesurë geholl ginn. An ech hunn op alle Fall nach vu kengem Buergermeeschter heibannen héieren, dass no deem Gesetz elo massiv bei him Propriétairen d'Klensch gedréckt hunn, fir ze soen, elo sinn ech erleuchtet, an duerch déi Mesurë bréngen ech elo massiv Bauterrain op de Maart. Ech hunn op alle Fall keen esou e Buergermeeschter…

***(Interruptions)***

**Une voix**.- D'Präisser si massiv geklommen.

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG)*.- Ech mengen awer, dass mir mussen et eis agestoen, och wa verschidde Leit dat léiwer no de Wahle wëlle gesinn, mir kommen net laanscht méi contraignant Mesuren. Ech well awer dofir e puer prinzipiell Saachen aus eiser Siicht soen.

Eischtens, wann et esou ass wéi den Aménagement-du-Territoires-Minister Wolter eng Kéier gesot huet, dass de bestehende Bauperimeter duergeet fir 700.000 voire 1.000.000 Leit ze logéieren, da si mer op kee Fall fir eng Ausdehnung vum Bauperimeter, héchstens an Ausnahmefäll, déi kéinte sachlech begrënnt ginn, an et muss een natierlech kucken, dass ee kompensatoresch Moossnamen trëfft.

Zweetens, déi Geschicht mat der Baulandreserv. Mer hunn eis an der Kommissioun soe gelooss vum Här Haupert, dass zum Beispill a Frankräich dat jo heefeg gemaach gëtt, mä dass do awer déi Baulandreserven an de meeschte Fäll ausserhalb vum bestehende Bauperimeter ugeluegt ginn, deelweis esouguer a fräier Flur an an de Bëscher. Do si mer natierlech och, well mer déi Konditioun 1 jo dann emol provisoresch festhalen, dass nämlech genuch Bauland am Perimeter ass, kategoresch dergéint, fir Baulandreserven an de Bësch oder an iergendwellech anere Gebidder unzeleeën.

Drëttens, wann een elo Mesuren hëlt, fir am ausgewisene Bauperimeter Terrainen zu akzeptabele Präisser op de Maart ze bréngen, da kann een dräi Stufe virgesinn. Éischtens, dat sinn déi Mesures d'incitation, wann se gräifen, dann ass dat jo fein - mer mengen dat net. Déi zweet Stuf, dat wären dann e bësse méi repressiv fiskalesch Mesuren, zum Beispill eng Tax op der Rétentioun vun den Terrainen. An, wann dat net soll duergoen, da kann een och vläicht e bësse méi stringent Moossnamen ergräifen. Do kann ech mir och net de Virworf gefale loossen, dat wär elo vläicht Dirigismus, well ech zitéieren hei kuerz eng Kéier aus dem Avis vun der Chambre de Commerce, dat si jo keng Dirigisten, an déi soen: "D'une manière générale des projets de lotissement de nouveaux terrains à bâtir ne doivent pas être bloqués par les intérêts particuliers. Tout en respectant les principes démocratiques de base, il doit être possible de faire avancer rapidement des projets satisfaisant l'intérêt général, même si cela risque de se faire au détriment d'un intérêt particulier."

Also vun esou enger Stell ass dat jo bëssen erstaunlech ze héieren, mee et ass awer dat, wat d'Chambre de Commerce dozou seet. Wann also déi fiskalesch Mesuren och nach net duerginn, da muss ee vläicht aner Mesuren ergräifen. De Moment ass et jo esou, dass theoretesch d'Gemeng eng gewësse Marge de manoeuvre huet, fir a gewëssene Fäll Expropriatioune virzehuelen. Dat gëtt natierlech aus verständleche Grënn net oft gemaach, an dat muss och net onbedéngt sinn.

Et gëtt vläicht aner Elementer, zu deenen ee ka gräifen. De Minister Wolter huet jo selwer dovunner geschwat, zum Beispill an den neie Lotissementer méi ee verdicht Baue virzegesinn, fir dass ee méi Leit do ënnerkritt, eng méi kleng Parcellëierung, eng Mise en commun vu gewësse Servicer a Surfacen, an e bësse méi flächendeckend Modellprojeten, wéi et der jo zu Lëtzebuerg awer bei enger Partie Leit ginn.

En anert Element vun esou enger Politik, fir d'Offer ze erhéijen, wär déi vun dem Bodenmanagement, wéi dat an Däitschland heescht. Dat huet elo näischt mat der Persoun vum…

***(Interruption)***

Déi ass onofhängeg vun der Persoun vum Minister. Dat sinn also Institutiounen, déi et de Gemengen erlaben, méi eng aktiv Roll an der Wunnengspolitik ze spillen. De Minister Wolter schwätzt jo dovunner, fir e Stadarchitekt anzestelle fir Gemengen ab, ech mengen, 6.000 Awunner. Dat ass eng Léisung, déi e bësse pauschal ass. Ech kéint mer och virstellen, dass d'Gemenge sech kéinten op regionalem Niveau zesummendoen, an esou e Bodenmanagementsamt op d'Been setzen, déi och kënne quasi e bëssen esou fungéieren wéi eng öffentlech Immobiliengesellschaft an och versiche kënnen, den Aménagement du territoire an hirer Gemeng ze kombinéiere mat enger aktiver Wunnengspolitik.

An da si jo och nach aner Instrumenter op kommunalem Niveau, déi ech awer ganz interessant géif fannen, fir eppes ze maachen, dat ass engersäits de Stadentwécklungsplang an anererséits d'Bebauungspläng an d'Bautereglementer. Et kéint een zum Beispill kucken, mëttelfristeg, dass et eenheetlech Norme gi fir déi verschidde Stadentwécklungs- a Bebauungspläng. Et misst ee kucken, fir an den zoustännege Gesetzer Stadentwécklungspläng a Bebauungspläng méi juristesch ofzesécheren, zum Beispill, andeem ee verschidden Zonen definéiert, innerhalb vun deenen ee kéint méi eng geschlosse Bauweis fuerderen, a wou ee kéint Délaie fixéieren, an deenen de Propriétaire vun engem Terrain muss eppes mat dem Terrain maachen, natierlech mat dem berühmten Droit de préemption fir d'öffentlech Promoteuren.

Deenen öffentlechen an och eventuell private Promoteure kéint een dann och Oploe maachen, fir eng definéiert Stad- oder Duerfentwécklung ze berücksichtegen, zum Beispill, dass een d'Surface commerciale an enger Haaptstrooss, wann déi ënnenan ass, muss zu engem Tarif préférentiel entweder verlounen un d'Commerçanten oder verkafen. Well mer musse gesinn, dass ee bei enger Wunnengspolitik net däerf vergiessen och eng Stadentwécklungspolitik ze maachen, fir déi exzentresch Entwécklung vun eise Stiet a vun eisen Dierfer ze bremsen a fir erëm eng Kéier an de Stadskär niewent dem Commerce an niewent de Servicen och erëm eng Kéier eng Kombinatioun zwësche Wunnen a lokalem Commerce an aneren Aktivitéiten zouzeloossen.

Dat kéint dann och zum Beispill bedeiten, dass ee géif an dem Stadzentrum net méi Reglementer maachen, dass all Stot muss x Garageflächen hunn, mee dass een zum Beispill virgesäit fir kleng Parkhaiser ze installéieren, fir dass déi Leit, déi an engem geschlossenen Zentrum wunnen, net mussen ënnen hire Rez-de-chaussée, dee kéint fir e Commerce genotzt ginn, fir eng Garage verwennen.

Wéi gesot, et gëtt eng helle Wull vun Ideeën, an all Kéier, wa mer eng Sëtzung hu vun der Kommissioun, a mir schwätzen iwwert den Débat d'orientation, da kommen erëm nei interessant Ideeën op den Dësch. An dofir well ech nach eng Kéier rappeléieren, dass mir am Juli vum leschte Joer eng Motioun presentéiert haten, wou mer gesot hunn, dass d'Regierung soll eng Rei vu Mesuren op den Dësch leeën, wat se da géif maachen, fir am Beräich vun der Offer vu Bauland a vu Wunnenge méi stringent Mesuren do ze envisagéieren.

Ech stelle fest, dass déi Motioun, genau wéi aner Motiounen, elo säit 15 Méint nach ëmmer am Tirang läit. Dofir, mengen ech, solle mir en Débat d'orientation maachen, wou mer sollen d'Regierung guidéieren, a wéi eng Richtung dass se ginn. An da solle mir an deem Débat d'orientation erëm eng Kéier déi Motioune vun der Interpellatioun erabréngen oder diskutéieren. Dann dauert et erëm eng Kéier zwee Joer, wann déi iwwerhaapt ugeholl ginn, bis iwwerhaapt iergendwelch Mesurë geholl ginn. An duerfir well ech higoen, an déi Motioun, déi mir deemools déposéiert hunn, nach eng Kéier déposéieren, allerdéngs an enger ofgeschwächter Form.

Ech gesinn nämlech an, dass d'Regierung, aus de Grënn, déi einleuchtend sinn, net wëllt e Plan d'action proposéiere virun de Wahlen, déi hir eege Clientèle, zumindest en Deel vun hirer Clientèle, géif virun de Kapp stoussen. Dat muss een eben unerkennen. Ech wollt also elo dës Motioun nach eng Kéier erabréngen.

Déi Motioun ass sou wéit ofgeschwächt, dass se net sollen e Plang presentéieren, mee sollen duerch ee Bureau d'étude kucken, studéiere loossen, wéi eng Mesuren et iwwerhaapt am Ausland gëtt, a wéi eng Mesurë fir Lëtzebuerg iwwerhaapt a Fro kéinte kommen, dann hätte se nach ëmmer d'Gesiicht bewahrt, well si kéinten nach ëmmer soen, et ass nëmme studéiert, an da brauche se net hirer Clientèle ze soen, dass se déi Mesurë géifen an iergendenger Legislaturperiod duerchzéien.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- saluant l'intention du Gouvernement d'intervenir activement contre la spéculation foncière et en faveur d'un accès socialement responsable à la propriété foncière;*

*- craignant que les moyens d'influence par le biais de mesures d'incitation ne risquent de s'avérer insuffisants et que des réglementations ne deviennent inéluctables face à un accroissement probable de la demande;*

*- considérant que dans le scénario d'un succès insuffisant des mesures d'incitation proposées dans la loi du 30 juillet 2002 il serait utile que le Gouvernement dispose d'un éventail de mesures plus efficaces, le cas échéant ayant fait leurs preuves à l'étranger, afin de pouvoir choisir, le moment voulu et le plus rapidement possible, celles qui pourraient s'avérer efficaces dans notre pays;*

*- considérant certaines expériences de "management du sol" au niveau communal à l'étranger;*

*invite le Gouvernement*

*- à faire établir, par un bureau d'études spécialisé, un inventaire des principaux moyens envisageables pour permettre aux pouvoirs publics, notamment à l'Etat et aux communes, d'intervenir d'une façon efficace pour mettre à disposition des citoyennes et citoyens des terrains à bâtir à des prix socialement soutenables;*

*- à proposer, sur base de cette étude, un plan d'action visant à doter les pouvoirs publics du dispositif réglementaire et des moyens financiers nécessaires pour mener une politique d'accès à la propriété foncière socialement responsable.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Mee ech kann Iech lo scho soen - ech sinn do kee Wahrsager -, dass egal wéi eng Regierung an zwee Joer un d'Rudder kënnt - ech hoffen natierlech, dass et eng aner ass, déi wäert jo missen aner Mesuren huele wéi déi heiten, déi mir haut ofstëmmen, fir dass se der Wunnengsproblematik Här ginn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Här President, ech wëll grad esou wéi verschidde vu menge Virriedner och hei bemängelen, dass et net seriö ass, wann d'Chamber amgaang ass en Débat d'orientation iwwert de Logement virzebereeden, gläichzäiteg d'Regierung higeet an ufanks Juli zwee Gesetzesprojete virbréngt, déi se kuerz virun der Summervakanz an direkt duerno am Eilverfahren durchbaatscht, wat dann zu esou Konsequenze féiert, wéi se hei deelweis kritiséiert gi sinn, dass nach Mängel am Gesetz sinn, deelweis textlech Lacunen a vill Interpretatioune méiglech sinn.

Ech hätt och léiwer gehat, d'Chamber hätt zwar déi Texter virgeluegt, awer si wieren diskutéiert ginn, zesummen am Débat sur le logement, an hätte kënnen herno separat ofgestëmmt ginn, well esou wéi et elo funktionéiert ass d'Chamber jo just nëmmen eng Chamber d'enregistrement vu verschiddene Projeten, déi d'Regierung lancéiere wëll an duerchbréngen.

Dobäi ass de Logement bekanntlech - dovu geet jo och d'Regierung aus - ee vu deene wichtegste gesellschaftleche Problemer. Den Exposé des motifs stellt fest, datt et ëmmer méi schwéier gëtt, eng passend Wunneng zu engem verstännege Präis ze fannen, besonnesch an de Stiet.

Et gëtt dräi Ursaache fir déi Präisentwécklung. Éischtens, d'Bauen ass méi deier ginn. Zwëschent 1989 an 1999 ass de Präis vun den Haiser ëm duerchschnëttlech 58% geklommen, dee vun den Appartementer ëm 19%. Et läit keng ekonomesch Analyse doriwwer fir, firwat dat esou ass. Et läit och keng Analys doriwwer fir, wéi d'Benefisser zum Beispill vun de Bauentreprisen sech während der Zäit entwéckelt hunn.

Zweet Ursaach ass de spektakuläre Boom bei den Terrainspräisser, 171% während deem selwechten Zäitraum, dat läit zum Deel, et ass scho gesot ginn, um spekulativen Zréckhale vun den Terrainen. Et ass bis elo net seriö dogéint agéiert ginn, obschonn eng gesetzlech Basis dofir virläit, ech kommen nach dodrop zréck. D'Gesetz vum Juli op jidde Fall bedeit just eng Prime fir déi, déi bis elo nach den Terrain zréckbehalen hunn.

Drëttens, d'Loyere klammen ëmmer méi an onerreechbar Héichten, et ginn net genuch Mietwunnenge gebaut. Déi öffentlech Mietwunnenge maachen nëmmen 11,43 Prozent vun allen Mietwunnengen aus. Vill Gemenge sinn äusserst retizent, obscho Méiglechkeete bestinn, fir staatlech Subventiounen ze kréien. A Leit mat Geld hu bis elo léiwer Aktie kaaft an op der Bourse spekuléiert, wou d'Benefisser bekanntlech méi héich sinn, oder wéinstens waren, a keng héich Baupräisser ze bezuele sinn. Och gëtt méi a Bureausraim investéiert wéi a Wunnengen, well do d'Demande méi solvent ass. D'Ursaache vun der Kris am Wunnengssecteur sinn also bei den Acteuren um Wunnengsmaart ze sichen, net bei der berühmter Demande, bei deenen, déi Wunnenge brauche well et e Mënscherecht ass, wéi hei betount ginn ass.

Firwat ass dat esou? Ma natierlech, well déi Acteuren alleguerten hire gréisstméigleche Profit sichen. De Stat sengersäits huet déi Entwécklung nach deelweis subventionéiert duerch seng Politik vun Aides au logement, déi ech awer hei net wëll kritiséieren, well si huet déi ganz Entwécklung wéinstens nach deelweis sozial verdréiglech gemaach.

Et muss een awer och soen, wat déi Aides au logement ugeet, dass se awer net esou grouss sinn, wéi dat sech ugesäit, well en Drëttel dovu besteet aus dem Remboursement vun der TVA, déi de Stat scho virdu bekanntlech agesäckelt huet.

Et ass also, menge mir och, Zäit, fir grondleeënd an der Fro vum Logement ëmzedenken. Et ass ee grousse Sträit doriwwer entbrannt, dat kann een an den Avise gesinn. D'Patronatskummere verlaangen haaptsächlech, am Géigesaz zu den Ufuerderunge vum Aménagement du territoire a vum Développement durable, dass d'Contraintë fir nei Lotissementer gelockert ginn, dass déi Retizenze sollen ophéieren, déi et a verschidde Gemenge vis-à-vis vun neie Lotissementer gëtt, da géifen d'Präisser schonn automatesch falen. Dobäi freet ee sech, firwat d'Präisser net bis elo gefall sinn, well jo ëmmerhin awer op ganz ville Plaze ganz vill gebaut ginn ass, an d'Präisser ëmmer nach an d'Luucht gaangen sinn.

Mir mengen au contraire, dass d'öffentlich Interesse virun allem sech elo mussen duerchsetzen; an zwar éischtens d'Interesse no abordablen, confortabele Wunnengen an engem convivialen Ëmfeld vu sozialen Investitiounen, an zweetens d'Interessen no engem Aménagement du territoire, dee kuerz Transportweeër an eng ëmweltschounend Bauweis virgesäit.

Et ass net esou, dass d'Regierung déi Erausfuerderunge géif grondleeënd iwwersinn. An dem Train vu Mesuren, déi elo virleien, sinn der eng Rei prinzipiell ze begréissen. Éischtens emol, d'Erhéijung vun de Subventiounen un d'Gemengen, déi a Sozialmietwunnengen investéieren. Mä ech froe mech, ob dat duergeet, well d'Retizenzen vun de Gemenge si jo net nëmme finanzieller Natur. Dacks si se prinzipiell géint sozial Mietwunnengen, a wa si der bauen, dann iwwerloosse si dem Fong d'Gestioun dovunner.

D'Fro ass, ob een net méi dissuasiv Moossnamen e gewësse Moment muss huelen, zum Beispill gëtt et a Frankräich e Gesetz, wat Gemenge penaliséiert, déi net e gewësse Prozentsaz u Sozialwunnengen hunn.

Zweetens begréisse mir och d'Aféierung respektiv d'Erhéijung vu Subventioune fir de Bau vu Crèchen a Schoulen, vu Spillplazen a Gréngflächen.

Drëttens begréisse mer och d'Bedeelegung un der Konstruktioun fir Studentewunnheemer, wou et e groussen Nohuelbedarf gëtt, elo schonn, a wéi ass et dann eréischt, wann d'Uni Lëtzebuerg soll realiséiert ginn. Iwweregens sinn ech nach ëmmer gespaant op d'Äntwert vun der Ministesch op meng Fro, vun där de Caractère urgent net unerkannt ginn ass, wéini endlech dat neit Unisgesetz, wat scho virun der Summervakanz ugekënnegt ginn ass, soll déposéiert ginn.

Manner zefridde si mir iwwregens awer mat deene Subside fir d'Fabriques d'église, déi hei schonns zurecht, mengen ech, kritiséiert gi sinn.

Véiertens begréisse mir och d'Moossnam, bei all subventionéierte gréissere Bauprojet 10% vu Mietwunnenge virzegesinn, woubäi dee Prozentsaz wuel awer vill ze vill niddereg läit.

Schliesslech ass och interessant d'Verloune vu 25% vun den öffentleche Wunnengen no net soziale Kritären, wouduerch de Stat och um normale Wunnengsmaart Ubidder gëtt. Dat muss awer eiser Meenung no eng präisssenkend Wierkung op d'Loyeren hunn, zum Beispill iwwert de Wee vun dem öffentleche Bauterrain, dee jo dann zur Verfügung steet, dee jo kann d'Präisser verbëllegen, respektiv iwwert de Wee vun Acteure vun der Économie sociale, déi och am Bausecteur zum Beispill kéinten operéieren. Firwat net zum Beispill Reparaturéquipen, Handwierkséquipen oder souguer Bauéquipen vun der Économie solidaire asetzen, natierlech zu anere Louan Aarbechtsbedingunge wéi bis elo, mat festen Aarbechtsplazen.

Ech mengen awer, dass och nach weider Efforte vun der öffentlecher Hand musse gemaach ginn. De Programm vun den öffentleche soziale Mietwunnenge muss vill méi substantiell erhéicht ginn, wéi dat bis elo an der Planung vum Fonds de Logement virgesinn ass. D'Aarbechterkummer schwätzt vun enger néideger Vervéierfachung an deenen nächsten zéng Joer, also missten déi Wunnengen eropgoe vu bis elo 3.000 op dann 12.000.

Ech mengen och, dass an d'Gesetz vun 1937 iwwert den Aménagement du territoire misst dra stoe kommen, dass d'Projets d'aménagement och e Plan d'affectation des constructions virgesinn. Ech hunn doriwwer en Amendement agereecht, fir dass d'Gemengen do kënnen op d'Zesummesetzung vun de Bauprojeten awierken, an och zum Beispill verhënnere kënnen, dass Mietwunnenge spéider a Bureausraim kënnen ëmgewandelt ginn.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Ech mengen, et wier gutt, wann d'Regierung sech géing d'Fro stellen, wéi se dat Ganzt wëllt praktesch duerchzéien, an ob dat dote vill Sënn mécht. Mer géingen hoffen, Här Minister, datt Der no enger gewësser Zäit, an e puer Joer, vläicht hei der Chamber géift soen, wat déi Mesure do bruecht huet, wéi se sech ausgewierkt huet, well ech muss soen, datt, sou wéi se do steet, eng etlech Froen awer opbleiwen.

Mee mer gi jiddferengem, och Iech, Här Minister, eng Chance, fir esou eppes duerchzebréngen an ons nozeweisen, wat et da konkret bruecht huet. Dann hu mer eis d'Fro ze stellen, firwat d'Promoteuren hei an dësem Gesetz esou vernoléissegt gi sinn. Firwat d'Promoteuren? Et sinn der eng etlech, déi och wéilten hei vun deem Gesetz profitéieren. Dat ass deelweis méiglech, et ass zwar net esou heefeg, et ass net esou bekannt. Wéi mer an der Kommissioun gefrot hunn, wéi vill Fäll et woren, do ass eng Kéier ee Fall par Décision ministérielle geschitt, anscheinend, wou bekannt ginn ass, datt privat Promoteuren och dierfte Wunnengen ënnert deene Konditiounen do bauen. Ech wär frou, wann niewent der öffentlecher Hand och privat Promoteuren, esou wéi d'Handwierkerkummer, esou wéi d'Chambre de Commerce et froen, kéinte vun deem Gesetz profitéieren.

Wat awer scho feststeet, dat ass, datt…

***(Interruption)***

Jo, si kënne bien entendu och eng ASBL grënnen. Mee, wat ob jidde Fall och feststeet, dat ass, datt d'öffentlech Hand participéiert bei de Gemengen a bei den Etablissements publics um Kaf vu Bauterrain, mee privat Promoteure benefisséieren net vun der Participatioun um Kaf vu Bauterrain, esou datt se logescherweis och désavantagéiert sinn, ier et schonn ugeet.

Da bedauere mer ee Punkt, datt ee muss festhalen…

Wann ech glift?

**M. le Président**.- Den Här Gira wëll eng Fro stellen.

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG).*- Wëllt Dir behaapten, datt am Moment d'Promoteuren net genuch Geld verdéngen?

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Ech wëll just nëmme soen, datt eng etlech privat Promoteuren interesséiert wieren, fir och op dem Gebitt Wunnengen ze bauen, am Kader vum soziale Wunnengsbau a vu Mietwunnengen. Ech soen, alles, wat doropper erausgeet, fir méi bëlleg ze bauen wéi d'öffentlech Hand - well dat schéngt anscheinend och de Fall ze sinn - a fir méi Mietwunnengen méi bëlleg op de Maart ze bréngen, alles dat, wat an déi Richtung geet, ass fir ons positiv. Dofir war eis Fuerderung - an ech hoffen, datt déi duerchgeet -, datt do sou wäit wéi méiglech och vun der Säit vun der Regierung verschidden Initiative gemaach ginn, fir d'privat Promoteuren drop opmierksam ze maachen, datt se hei och eng Verantwortung hunn, an datt se och op dee Wee sollte goen.

Dann eng lescht Affaire, ech bedaueren e bëssen, Här Minister, datt déi Iddi vun dem Observatoire de l'habitat fale gelooss ginn ass. Ech mengen, et wier net schlecht gewiescht, wann een niewent engem Observatoire vun de Marchés publics, wat och nawell net schlecht wier, wann een esou een hätt, och en Observatoire vum Habitat hätt. Woufir? Well et wichteg ass, datt d'Chamber permanent informéiert gëtt, oder jährlech informéiert gëtt, iwwert dat, wat sech um Wunnengsmaart deet, an datt mer mat objektive Chiffere kënne kucken, wat déi Politik, déi mer décidéieren, déi d'Regierung décidéiert huet, bruecht huet.

Ech wëll net soen, Här Minister, datt Der alles schlecht gemaach hutt. Ech hunn et ufanks gesot. Ech wëll just soen, datt e puer Saachen do sinn, déi eis Approbatioun fannen, mee et sinn der e puer, mat deene mer op kee Fall d'accord kënne sinn, an et sinn e puer anerer, wou mer eis d'Fro stellen, wéi Der dat dote sollt duerchféieren, an op jidde Fall eng Mesure, wou mer eis d'Fro stellen, wat dat doten iwwerhaapt soll bréngen.

Dat gesot, Här Minister, wëll ech ofschléissend festhalen, datt, wann eisen Amendement an eis Resolutioun ugeholl ginn, mer zu dësem Gesetz hei positiv stoe kéinten. Wa se net ugeholl ginn, da misste mer en negative Vote zum Gesetz ginn.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

**M. Ady Jung** *(CSV).*- Entschëllegt, Här President, dierft ech vläicht just hei eent feststellen?

Den Här Henckes huet hei gesot, ufänglech an der Kommissioun vum Logement, wou ech President sinn, do wier dee Projet hei iwwert de Knéi gebrach ginn. Ech wëll däitlech soen, datt dat net de Fall ass, an dräi Sitzungen ass ausféierlech iwwert de Projet diskutéiert ginn. An all Sitzung war de Minister perséinlech mat senge Mataarbechter present, an en huet op all Fro eng Äntwert geliwwert.

Ech wëll och vun dëser Plaz aus dem Rapporteur, dem Norbert Haupert félicitéieren, fir den excellente Rapport, deen e gemaach huet, e Rapport, wou en zu all Moment bereet war, och d'Meenunge vun de Membere vun der Kommissioun afléissen ze loossen. An ech maachen do e ganz däitlechen Appel un den Här Mars Di Bartolomeo, deen ënner anerem deen Eenzegen an der Kommissioun war, dee sech enthalen huet. All déi aner Memberen hu fir de Rapport gestëmmt, ënner anerem och de Vertrieder vum ADR. Dofir kann ech nëmme soen, dat wat den Här Henckes hei virbruecht huet, ass näischt aneschters wéi eng Schau.

Ech bedaueren et.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Här President, ech froen d'Wuert pour Faits personnels.

**M. le Président**.- Lo geet d'Schau virun.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Ech hunn aganks gesot, datt dräi Sëtzunge fir esou ee Projet de loi fir ons bâcléiert Aarbecht ass.

Dat zweet ass, datt den Här Minister op vill Froe keng Äntwert wosst a keng ginn huet, an och héchstwahrscheinlech hei schéin un d'Ruddere wäert kommen.

Dat drëtt ass, datt ech hei gesot hunn, datt d'Viraarbecht bâcléiert wor, datt mer dunn eng seriö parlamentaresch Aarbecht vun onser Fraktioun deen Ablack an där kuerzer Zäit net méiglech wor, datt mer dat poursuivéiert hunn, an datt den Här Koepp mat mir a mat deenen anere Kollegen aus der Fraktioun elo déi Amendementer an déi seriö Aarbecht hei gemaach hunn.

Ech mengen, et soll iwwert de Fong diskutéiert ginn, Här Jung, an net iwwert d'Form.

**M. le Président**.- Esou, an elo huet den Här Garcia d'Wuert. Déi aner sinn elo emol roueg.

**M. Ady Jung** *(CSV).*- Ech appeléieren un den Témoinage vum Här Di Bartolomeo a stelle fest, datt den Här Henckes praktesch ni do war.

**Des voix**.- Très bien.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Ech si guer kee Member vun där Kommissioun.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur.*- Wann ech hei en Témoignage soll maachen, géif ech mengen, dass d'Aarbechten an der Kommissioun net bâcléiert waren, mee dass et awer eng bâcléiert Regierungsaarbecht war.

Merci!

***(Interruptions)***

**M. le Président**.- Also, d'Situatioun ass ze eescht, fir de Geck domat ze maachen. Loosse mer d'Saach seriö huelen, an ech menge mer ginn dem Här Garcia d'Wuert an da lauschtert Der. Ech sinn iwwerzeegt, datt den Här Minister scho kloer an däitlech Stellung hélt.

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President, an déifster Dankbarkeet, datt ech d'Wuert nach däerf haut den Owend ergräifen, wëll ech dann ufänke mat engem kierchleche Verglach. Mer hu jo iwwer Kierchefabrike geschwat virdrun.

Eng vun deene schéinste spéitgotesche Kathedrale vun Europa befënnt sech a Portugal, an engem klengen Nascht, dat heescht Batalha. An déi Kathedral huet eng Charakteristik, déi huet nach zousätzlech eng Kapell, déi heescht Capela imperfeita, déi onfäerdeg Kapell, an dat ass e ganz schéint Gebai, wou alles voller manuelineschem Nippes ass. Do ass just ee klengen Detail, deen e bëssen negativ ass, dat ass den Dach, dee feelt säit 500 Joer op dem Gebai. An dat ass e Verglach, dee mech och e bëssen inspiréiert huet fir deen Débat d'orientation, dee mer sollte säit 15 Méint hei maachen. Mer hunn ee grousse Chantier säit 15 Méint, nämlech den Débat d'orientation iwwert d'Politique de logement vun dëser Regierung, a während mer, iwwert dee Chantier gebéckt, schaffen, kënnt dann heiansdo de Minister mat enger Schubkar eran a baut do iergendeng wackeleg Mauer. Da kënnt erëm een aneren eran, a baut nach iergendeppes aneschtes, an dann huet een och schonn d'Impressioun, datt mat dësem Gesetz schonn ugefaange gëtt Tapéiten ze kliewen, awer dee klengen Detail, dee feelt, ass, datt eis den Dach iwwert dem Kapp feelt.

Lo kënnt déi reenereg Saison, an ech well awer zumindest eréischt mam Chantier ufänken, wann ech weess, wéi een Daach dass herno ze erwaarden ass, ob een Daach mat Lächer, oder e richtegen, stabilen Daach, oder ewéi bei de Capelas imperfeitas iwwerhaapt keen Daach herno drop kënnt. Wéi gesot…

**Une voix**.- Et ass esouguer eng grouss Kathedral zu Barcelona, déi nach net fäerdeg ass.

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG).*- Jo, dat ass Santa Maria del Mar, mengen ech.

**Une voix**.- D'Sagrada Familia.

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG).*- Jo, déi och. Vum Gaudi.

Gutt. Ech well nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer séit 15 Méint mat dësem Chantier amgaang sinn, mer hunn eng Interpellatioun gehat vum Kolleeg Mars Di Bartolomeo, wou ech awer fannen, dass schonn zimlech déiselwecht Saachen, déi haut erëm eng Kéier gesot ginn, scho gesot si ginn. Mir hunn de Mee vun dësem Joer de Premier Minister Juncker héieren, dee Mesuren annoncéiert huet, déi haaptsächlech op fräiwëlleger Basis axéiert sinn, an dee gedrot huet mat méi contraignantë Mesuren, an haaptsächlech no de Wahlen. Mir hunn am Juli e Package vun éischter fiskale Mesurë kritt a kréien elo haut e weidere Package mat Mesuren, déi zum Deel op der Säit vun den Aides au logement, an zu engem aneren Deel um Renforcement vun de Promoteurs publics ugesidelt hunn. Mir hunn des Weideren - dat ass vläicht nach vill méi interessant - ënnert der Fieder vum Här Haupert eng 30 Froestellungen do leien, wou mer elo mengen ech um Punkt 8 ukomm sinn, wou et wierklech interessant gewiescht wär, déi Froestellungen och hei an dësem Débat ze thematiséieren. An iergendwéi weess een elo de Moment net, ob ee schonn op déi wesentlech Froen iwwert den Daachbau soll agoen, oder ob ee sech do soll mat den Tapéite begnügen. Ech hunn e bëssen den Androck, wéi wann, wéi och schonn an aneren Débats d'orientation - ech wëll nëmmen den Numm Pisa an d'Arena werfen -, hei eng kleng Verzögerungstaktik am Spill ass. Et gëtt versicht, déi wierklech brenzelech an déi onangenehm Froe bis no de Wahlen ze verschieben, an elo e bëssen Augenwischerei ze maachen, a mat punktuelle Mesuren, déi net alleguerte schlecht sinn, mä déi awer sécherlech net dozou bäidroen, fir d'Wunnengsproblematik décisiv ze léisen.

Well, ech muss soen, dass d'Situatioun awer um Terrain ëmmer méi dramatesch gëtt, an et ass scho bal skandaléis, dass mir hei mussen iwwert d'Recht op eng Wunneng diskutéieren ëmmer mat dem Damoklesschwert, dass all Mesure, déi mer maachen, fir d'Demande ze verbesseren, erëm opgefaang gëtt duerch Erhéijung vun de Präisser. Domat musse mer rechnen. An ech fannen et scho bal an dem räichste Land vun Europa beschämend, dass dat Recht, dat Mënscherecht, d'Recht op Wunneng, iwwerhaapt nach muss diskutéiert ginn. Eigentlech missten d'Leit an esou engem Land genuch verdéngen, fir dass se och ouni ze vill Aidë kéinte sech eng Wunneng leeschten.

A wann d'Fro hei gestallt ginn ass vum Mënscherecht op Wunneng, da wëll ech hei en Zitat vun engem eminente Politiker rappeléieren, ech zitéieren eng Kéier kuerz: "Mir sinn nämlech der Meenung, dass d'Recht op eng dezent Wunneng e Recht ass, en Droit de l'homme, wat deeselwechte Stellewäert huet wéi eng Rei vun anere Mënscherechter, déi haut bei ons eng Selbstverständlechkeet sinn, wéi zum Beispill d'Recht op fräi Meenungsäusserung, d'Recht fir fräi ze Reesen. Mir kennen eng ganz Rei vu Rechter, déi eng Selbstverständlechkeet sinn, mä et schéngt, wéi wann dat Recht op méi eng dezent Wunneng, och wa mir mengen, et wär e selbstverständlecht Recht wéi déi aner Rechter, déi ech virdru genannt hunn, et dach awer an der Lëtzebuerger Wierklechkeet, an der europäescher Wierklechkeet, an der weltwäiter Wierklechkeet guer net esou selbstverständlech ass. D'Realitéit ass leider zu engem Deel wéinstens eng aner. D'Mënscherecht Wunne gëtt hei zu Lëtzebuerg, an dat musse mer frank a fräi agestoen, permanent a ganz oft op déi schlëmmsten Aart a Weis mat Féiss getrëppelt." Dat Zitat ass vum Här Lucien Weiler beim Débat d'orientation vum 21. November 1990.

D'Konklusioun aus dem Zitat: zwou Konklusiounen. Éischtens, mir fannen also mindestens ee Supporter hei an dësem Raum fir ze deklaréieren, dass d'Wunnen e Mënscherecht ass, nämlech den Här Weiler, deen dat scho virun zwielef Joer gesot huet, a mir stellen och fest, dass virun zwielef Joer d'Situatioun ähnlech war ewéi haut, well soss wären déi Wierder hei vum Här Weiler jo net zustan komm, mä et huet een den Androck, dass et ähnlech ass wéi an aneren Dossieren, ech nenne Bildung, ech nennen den Transport, ech nennen d'nohalteg Entwécklung, den Tourismus oder d'Landwirtschaft, dass dës Regierung an déi Regierung virdrun zwielef bis fofzéng Joer laang déi décisiv politesch Schrëtter verschlof oder auf Nimmerlein verschoben huet.

Ech komme kuerz zu dem Projet de loi hei, ech brauch net an den Detail ze goen, well meng Virriedner a Virriednerinnen hunn dat scho gemaach. Ech hu scho gesot, dass et bedauerlech ass, dass mer dëse sektoriellen oder punktuelle Projet de loi virun dem Débat d'orientation hei diskutéieren, an et ass och bedauerlech, dass déi Mesuren hei an dem Gesetz haaptsächlech och ëmmer op der Säit vun der Demande sinn, an nëmmen zum Deel op der Säit vun der Offre publique.

Wéi gesot, et sinn eng ganz Rei vu Mesuren, déi mir och ganz positiv fannen, an déi mir och begréissen. D'Augmentatioun vum Parc locatif public fanne mer eng positiv Initiativ, och déi Aféierung vun der Garantie locative gesi mer ganz positiv, a genau esou positiv fanne mer déi Ausdeenung vun de Kompetenzen, beziehungsweis vun de Missioune vum Fonds de Logement.

Da sinn awer och, an do muss ech mengem Virriedner och Recht ginn, eng ganz Rei vu wierklech ganz kuriéise Moossnamen an dem heite Gesetz, an ech zitéieren do fir d'eischt déi berühmt Gartenzwergprämie vun 100 Euro, wéi mir se an der Kommissioun genannt hunn. Dat ass natierlech erëm eng Kéier déi üblech Strenz, déi onselektiv op iergendwellech Kanner, déi zwëschen null a sechs Joer gebuer ginn, wou een och net weess, wou se gebuer ginn, an déi dann do an de Genoss vun 100 Euro kommen.

Mir sinn eigentlech grondsätzlech géint esou eng Strenzepolitik, a mir verstinn och net, wéi ee kann als Partei higoen an nach méi eng verstäerkt Strenz fuerderen. Mir sinn eigentlech géint esou onselektiv Moossnamen, a wann een iwwerhaapt esou eppes gemaach hätt, dann hätt ee jo kënnen de Bedürftegen dat doten zoukomme loossen. Wann ee géif zum Beispill, amplaz jiddfer neigebuerene Kand 100 Euro op e Kont setzen, deenen 10% wierklech aus bedürftege Familljen dat ze ginn. Dann hätten déi eenzel Leit 1000 Euro gehat, an déi hätten da mat Minimum 18 Joer oder 21 Joer sech wéinegstens méi kënne leeschten domatter wéi ee Quadratmeter Terra cotta, während elo gi mer hei eng onselektiv Moossnam déi éischter erënnert un déi berühmt Spuerbéchs vun der Spuerkeess, déi een als Kand do krut, an déi eigentlech als dat ze verstoen ass, wat se wahrscheinlech sinn, just eng elektoralistesch Moossnam, fir d'Leit gleewen ze dinn, et géif eppes an der Förderung vum Eegenheem geschéien.

Eng weider Mesure, déi mer zwar och ganz positiv fannen, ass d'Förderung vun der Mixité sociale, an ech froe mech, ob dat net wäit genuch geet. Well fir eis ass d'Mixité sociale net nëmmen aus dem Grond, dass Leit vu verschiddenen Akommes, a vu verschiddene Sozialschichten beienee wunnen extrem wichteg, mä och an dem Beräich vun der Edukatiounspolitik.

Mir haten hei virun zwee Joer en Débat iwwert d'Integratioun, an do ass eng Motioun vun eis ofgeleent ginn, wou mer gesot hunn, datt misste Mesurë geholl gi fir ze verhënneren, dass an den enge Quartieren nëmmen Ausländer wunnen, an deenen anere Quartieren nëmme Lëtzebuerger, wat dozou féiert, datt et Klasse ginn, wou nëmmen ee Lëtzebuerger ass, an aner Klasse ginn, wou nëmmen een Ausländer ass, mat deem Resultat, dat mer kennen, dass a verschiddene Quartieren aus de Schoulen no dem sechste Schouljoer net vill Kanner op de Lycée kënne goen, an an anere Schoulen et just ëmgekéiert ass.

Wann een net wëllt Mesurë maache fir esou eng Mixité scolaire ze maachen, da muss ee Mesuren huele fir eng Mixité sociale am Wunnengsbau ze maachen, da muss ee méi strikt Mesuren ergräifen, fir datt ee wierklech an den eenzele Quartieren eng richteg Mixitéit zwëschent de Schichten an zwëschent den Originë vun de Leit erbäiféiert.

Mir bedaueren och, awer e bëssen halbhäerzeg, dass den Observatoire aus dësem Gesetz erausgeholl ginn ass. Mir bedaueren dat, well en Observatoire vun der Logementspolitik méi wéi jee néideg ass, allerdéngs hu mir schonn drop higewisen, dass e rengen Observatoire, sou wéi en an dem urspréngleche Text vum Gesetz stoung, eis net duergaange wär, well, wat notzt et fir éischtens e Phenomeen ze observéieren, an näischt kënnen domatter ze maachen. An zweetens muss ee jo awer zouginn, datt de Phenomeen vun der Pénurie vum Logement eigentlech just de Moment, oder an der Zukunft nach méi verstäerkt, eng Konsequenz vun der ekonomescher a vun der demographescher Entwécklung ass. Wann een also méi e groussen Observatoire mécht, deen déi demographesch an ekonomesch Entwécklung observéiert, dann observéiert een natierlech de Wunnengsmaart direkt mat, an da kann een déi an den Zesummenhang bréngen.

Dat sinn also e puer vun deene wichtegste Grënn, firwat datt mir eis net kënne wéi déi meescht aner Leit heibanne mat deene punktuelle Mesurë vun dem Gesetz hei averstanen erklären, a mir wäerten eis bei deem heite Gesetz, egal wat nach weider passéiert, enthalen.

Ech wëll awer kuerz zum Ofschloss nach e puer Remarquë maachen - och wann een do sech vläicht e bësse Waasser vun der Millen hélt fir den Débat d'orientation, mee do gëtt et jo esou vill 30 Froen, datt een ëmmer nach kann seng Zäit domatter fëllen - iwwert den Aspekt vun der Augmentatioun vun der Offer vu Wunnraum.

Mir ginn dovunner aus, dass Wunnen e Mënscherecht ass. Da muss een natierlech kucken, fir dee Potential vu verbëllegtem Accès zu Logementer och zum Locatif an zur Propriétéit ze erhéijen. Am Locatif hu mer natierlech Limiten, well et kann een net indéfiniment d'Offre publique nëmmen eleng erhéijen, an et kann een natierlech och net - wéi soll ech soen - Mesurë maachen, wéi hei scho gefuerdert ass,

dass och nach privat Promoteure géife soziale Wunnengsbau zur Verfügung stellen, well herno misst een och nach d'Loyeren da subventionéieren, dat ass da wahrscheinlech eppes wat ekonomesch net grad sënnvoll ass.

Wat elo d'Baue selwer betrëfft, do gëtt et och Limiten, fir dat méi bëlleg ze maachen, well mir wëlle jo éischtens net, dass mer mat schlechter Qualitéit bauen, a mer wëllen awer och net den Dumping social maachen, mir wëlle jo och, dass d'Aarbechtskraaft am Bau dezent soll bezuelt ginn, a mer wëllen net, dass herno soll vun iergendwelche Firmae mat verbëllegter Aarbechtskraaft verbëllegt Haiser gebaut ginn, sou Plattenbausiedlungen, oder Ähnleches, HLMen, wéi dat am Ausland ass. Also sinn do och eis Méiglechkeeten, wat déi reng Bausubstanz ugeet, relativ limitéiert, an et mierkt een och do, wou öffentlech Promoteure bauen, dass d'Baue selwer awer nach ëmmer relativ deier bleift, an et ass haaptsächlech, also op dem drëtte Beräich, wou et gëllt offensiv ze ginn, nämlech op dem Beräich vun den Terrainen.

Déi Incitatiounsmesurë vum Gesetz vum 30. Juli 2002, déi gi jo schonn im Voraus einem gehorsam als wahrscheinlech net ganz durchschlagend considéréiert, soss hätt de Premier net scho gesot, wann se net géife gräifen, da géife méi haart Mesurë geholl ginn. An ech hunn op alle Fall nach vu kengem Buergermeeschter heibannen héieren, dass no deem Gesetz elo massiv bei him Propriétairen d'Klensch gedréckt hunn, fir ze soen, elo sinn ech erleuchtet, an duerch déi Mesurë bréngen ech elo massiv Bauterrain op de Maart. Ech hunn op alle Fall keen esou e Buergermeeschter…

***(Interruptions)***

**Une voix**.- D'Präisser si massiv geklommen.

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG)*.- Ech mengen awer, dass mir mussen et eis agestoen, och wa verschidde Leit dat léiwer no de Wahle wëlle gesinn, mir kommen net laanscht méi contraignant Mesuren. Ech well awer dofir e puer prinzipiell Saachen aus eiser Siicht soen.

Eischtens, wann et esou ass wéi den Aménagement-du-Territoires-Minister Wolter eng Kéier gesot huet, dass de bestehende Bauperimeter duergeet fir 700.000 voire 1.000.000 Leit ze logéieren, da si mer op kee Fall fir eng Ausdehnung vum Bauperimeter, héchstens an Ausnahmefäll, déi kéinte sachlech begrënnt ginn, an et muss een natierlech kucken, dass ee kompensatoresch Moossnamen trëfft.

Zweetens, déi Geschicht mat der Baulandreserv. Mer hunn eis an der Kommissioun soe gelooss vum Här Haupert, dass zum Beispill a Frankräich dat jo heefeg gemaach gëtt, mä dass do awer déi Baulandreserven an de meeschte Fäll ausserhalb vum bestehende Bauperimeter ugeluegt ginn, deelweis esouguer a fräier Flur an an de Bëscher. Do si mer natierlech och, well mer déi Konditioun 1 jo dann emol provisoresch festhalen, dass nämlech genuch Bauland am Perimeter ass, kategoresch dergéint, fir Baulandreserven an de Bësch oder an iergendwellech anere Gebidder unzeleeën.

Drëttens, wann een elo Mesuren hëlt, fir am ausgewisene Bauperimeter Terrainen zu akzeptabele Präisser op de Maart ze bréngen, da kann een dräi Stufe virgesinn. Éischtens, dat sinn déi Mesures d'incitation, wann se gräifen, dann ass dat jo fein - mer mengen dat net. Déi zweet Stuf, dat wären dann e bësse méi repressiv fiskalesch Mesuren, zum Beispill eng Tax op der Rétentioun vun den Terrainen. An, wann dat net soll duergoen, da kann een och vläicht e bësse méi stringent Moossnamen ergräifen. Do kann ech mir och net de Virworf gefale loossen, dat wär elo vläicht Dirigismus, well ech zitéieren hei kuerz eng Kéier aus dem Avis vun der Chambre de Commerce, dat si jo keng Dirigisten, an déi soen: "D'une manière générale des projets de lotissement de nouveaux terrains à bâtir ne doivent pas être bloqués par les intérêts particuliers. Tout en respectant les principes démocratiques de base, il doit être possible de faire avancer rapidement des projets satisfaisant l'intérêt général, même si cela risque de se faire au détriment d'un intérêt particulier."

Also vun esou enger Stell ass dat jo bëssen erstaunlech ze héieren, mee et ass awer dat, wat d'Chambre de Commerce dozou seet. Wann also déi fiskalesch Mesuren och nach net duerginn, da muss ee vläicht aner Mesuren ergräifen. De Moment ass et jo esou, dass theoretesch d'Gemeng eng gewësse Marge de manoeuvre huet, fir a gewëssene Fäll Expropriatioune virzehuelen. Dat gëtt natierlech aus verständleche Grënn net oft gemaach, an dat muss och net onbedéngt sinn.

Et gëtt vläicht aner Elementer, zu deenen ee ka gräifen. De Minister Wolter huet jo selwer dovunner geschwat, zum Beispill an den neie Lotissementer méi ee verdicht Baue virzegesinn, fir dass ee méi Leit do ënnerkritt, eng méi kleng Parcellëierung, eng Mise en commun vu gewësse Servicer a Surfacen, an e bësse méi flächendeckend Modellprojeten, wéi et der jo zu Lëtzebuerg awer bei enger Partie Leit ginn.

En anert Element vun esou enger Politik, fir d'Offer ze erhéijen, wär déi vun dem Bodenmanagement, wéi dat an Däitschland heescht. Dat huet elo näischt mat der Persoun vum…

***(Interruption)***

Déi ass onofhängeg vun der Persoun vum Minister. Dat sinn also Institutiounen, déi et de Gemengen erlaben, méi eng aktiv Roll an der Wunnengspolitik ze spillen. De Minister Wolter schwätzt jo dovunner, fir e Stadarchitekt anzestelle fir Gemengen ab, ech mengen, 6.000 Awunner. Dat ass eng Léisung, déi e bësse pauschal ass. Ech kéint mer och virstellen, dass d'Gemenge sech kéinten op regionalem Niveau zesummendoen, an esou e Bodenmanagementsamt op d'Been setzen, déi och kënne quasi e bëssen esou fungéieren wéi eng öffentlech Immobiliengesellschaft an och versiche kënnen, den Aménagement du territoire an hirer Gemeng ze kombinéiere mat enger aktiver Wunnengspolitik.

An da si jo och nach aner Instrumenter op kommunalem Niveau, déi ech awer ganz interessant géif fannen, fir eppes ze maachen, dat ass engersäits de Stadentwécklungsplang an anererséits d'Bebauungspläng an d'Bautereglementer. Et kéint een zum Beispill kucken, mëttelfristeg, dass et eenheetlech Norme gi fir déi verschidde Stadentwécklungs- a Bebauungspläng. Et misst ee kucken, fir an den zoustännege Gesetzer Stadentwécklungspläng a Bebauungspläng méi juristesch ofzesécheren, zum Beispill, andeem ee verschidden Zonen definéiert, innerhalb vun deenen ee kéint méi eng geschlosse Bauweis fuerderen, a wou ee kéint Délaie fixéieren, an deenen de Propriétaire vun engem Terrain muss eppes mat dem Terrain maachen, natierlech mat dem berühmten Droit de préemption fir d'öffentlech Promoteuren.

Deenen öffentlechen an och eventuell private Promoteure kéint een dann och Oploe maachen, fir eng definéiert Stad- oder Duerfentwécklung ze berücksichtegen, zum Beispill, dass een d'Surface commerciale an enger Haaptstrooss, wann déi ënnenan ass, muss zu engem Tarif préférentiel entweder verlounen un d'Commerçanten oder verkafen. Well mer musse gesinn, dass ee bei enger Wunnengspolitik net däerf vergiessen och eng Stadentwécklungspolitik ze maachen, fir déi exzentresch Entwécklung vun eise Stiet a vun eisen Dierfer ze bremsen a fir erëm eng Kéier an de Stadskär niewent dem Commerce an niewent de Servicen och erëm eng Kéier eng Kombinatioun zwësche Wunnen a lokalem Commerce an aneren Aktivitéiten zouzeloossen.

Dat kéint dann och zum Beispill bedeiten, dass ee géif an dem Stadzentrum net méi Reglementer maachen, dass all Stot muss x Garageflächen hunn, mee dass een zum Beispill virgesäit fir kleng Parkhaiser ze installéieren, fir dass déi Leit, déi an engem geschlossenen Zentrum wunnen, net mussen ënnen hire Rez-de-chaussée, dee kéint fir e Commerce genotzt ginn, fir eng Garage verwennen.

Wéi gesot, et gëtt eng helle Wull vun Ideeën, an all Kéier, wa mer eng Sëtzung hu vun der Kommissioun, a mir schwätzen iwwert den Débat d'orientation, da kommen erëm nei interessant Ideeën op den Dësch. An dofir well ech nach eng Kéier rappeléieren, dass mir am Juli vum leschte Joer eng Motioun presentéiert haten, wou mer gesot hunn, dass d'Regierung soll eng Rei vu Mesuren op den Dësch leeën, wat se da géif maachen, fir am Beräich vun der Offer vu Bauland a vu Wunnenge méi stringent Mesuren do ze envisagéieren.

Ech stelle fest, dass déi Motioun, genau wéi aner Motiounen, elo säit 15 Méint nach ëmmer am Tirang läit. Dofir, mengen ech, solle mir en Débat d'orientation maachen, wou mer sollen d'Regierung guidéieren, a wéi eng Richtung dass se ginn. An da solle mir an deem Débat d'orientation erëm eng Kéier déi Motioune vun der Interpellatioun erabréngen oder diskutéieren. Dann dauert et erëm eng Kéier zwee Joer, wann déi iwwerhaapt ugeholl ginn, bis iwwerhaapt iergendwelch Mesurë geholl ginn. An duerfir well ech higoen, an déi Motioun, déi mir deemools déposéiert hunn, nach eng Kéier déposéieren, allerdéngs an enger ofgeschwächter Form.

Ech gesinn nämlech an, dass d'Regierung, aus de Grënn, déi einleuchtend sinn, net wëllt e Plan d'action proposéiere virun de Wahlen, déi hir eege Clientèle, zumindest en Deel vun hirer Clientèle, géif virun de Kapp stoussen. Dat muss een eben unerkennen. Ech wollt also elo dës Motioun nach eng Kéier erabréngen.

Déi Motioun ass sou wéit ofgeschwächt, dass se net sollen e Plang presentéieren, mee sollen duerch ee Bureau d'étude kucken, studéiere loossen, wéi eng Mesuren et iwwerhaapt am Ausland gëtt, a wéi eng Mesurë fir Lëtzebuerg iwwerhaapt a Fro kéinte kommen, dann hätte se nach ëmmer d'Gesiicht bewahrt, well si kéinten nach ëmmer soen, et ass nëmme studéiert, an da brauche se net hirer Clientèle ze soen, dass se déi Mesurë géifen an iergendenger Legislaturperiod duerchzéien.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- saluant l'intention du Gouvernement d'intervenir activement contre la spéculation foncière et en faveur d'un accès socialement responsable à la propriété foncière;*

*- craignant que les moyens d'influence par le biais de mesures d'incitation ne risquent de s'avérer insuffisants et que des réglementations ne deviennent inéluctables face à un accroissement probable de la demande;*

*- considérant que dans le scénario d'un succès insuffisant des mesures d'incitation proposées dans la loi du 30 juillet 2002 il serait utile que le Gouvernement dispose d'un éventail de mesures plus efficaces, le cas échéant ayant fait leurs preuves à l'étranger, afin de pouvoir choisir, le moment voulu et le plus rapidement possible, celles qui pourraient s'avérer efficaces dans notre pays;*

*- considérant certaines expériences de "management du sol" au niveau communal à l'étranger;*

*invite le Gouvernement*

*- à faire établir, par un bureau d'études spécialisé, un inventaire des principaux moyens envisageables pour permettre aux pouvoirs publics, notamment à l'Etat et aux communes, d'intervenir d'une façon efficace pour mettre à disposition des citoyennes et citoyens des terrains à bâtir à des prix socialement soutenables;*

*- à proposer, sur base de cette étude, un plan d'action visant à doter les pouvoirs publics du dispositif réglementaire et des moyens financiers nécessaires pour mener une politique d'accès à la propriété foncière socialement responsable.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Mee ech kann Iech lo scho soen - ech sinn do kee Wahrsager -, dass egal wéi eng Regierung an zwee Joer un d'Rudder kënnt - ech hoffen natierlech, dass et eng aner ass, déi wäert jo missen aner Mesuren huele wéi déi heiten, déi mir haut ofstëmmen, fir dass se der Wunnengsproblematik Här ginn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Här President, ech wëll grad esou wéi verschidde vu menge Virriedner och hei bemängelen, dass et net seriö ass, wann d'Chamber amgaang ass en Débat d'orientation iwwert de Logement virzebereeden, gläichzäiteg d'Regierung higeet an ufanks Juli zwee Gesetzesprojete virbréngt, déi se kuerz virun der Summervakanz an direkt duerno am Eilverfahren durchbaatscht, wat dann zu esou Konsequenze féiert, wéi se hei deelweis kritiséiert gi sinn, dass nach Mängel am Gesetz sinn, deelweis textlech Lacunen a vill Interpretatioune méiglech sinn.

Ech hätt och léiwer gehat, d'Chamber hätt zwar déi Texter virgeluegt, awer si wieren diskutéiert ginn, zesummen am Débat sur le logement, an hätte kënnen herno separat ofgestëmmt ginn, well esou wéi et elo funktionéiert ass d'Chamber jo just nëmmen eng Chamber d'enregistrement vu verschiddene Projeten, déi d'Regierung lancéiere wëll an duerchbréngen.

Dobäi ass de Logement bekanntlech - dovu geet jo och d'Regierung aus - ee vu deene wichtegste gesellschaftleche Problemer. Den Exposé des motifs stellt fest, datt et ëmmer méi schwéier gëtt, eng passend Wunneng zu engem verstännege Präis ze fannen, besonnesch an de Stiet.

Et gëtt dräi Ursaache fir déi Präisentwécklung. Éischtens, d'Bauen ass méi deier ginn. Zwëschent 1989 an 1999 ass de Präis vun den Haiser ëm duerchschnëttlech 58% geklommen, dee vun den Appartementer ëm 19%. Et läit keng ekonomesch Analyse doriwwer fir, firwat dat esou ass. Et läit och keng Analys doriwwer fir, wéi d'Benefisser zum Beispill vun de Bauentreprisen sech während der Zäit entwéckelt hunn.

Zweet Ursaach ass de spektakuläre Boom bei den Terrainspräisser, 171% während deem selwechten Zäitraum, dat läit zum Deel, et ass scho gesot ginn, um spekulativen Zréckhale vun den Terrainen. Et ass bis elo net seriö dogéint agéiert ginn, obschonn eng gesetzlech Basis dofir virläit, ech kommen nach dodrop zréck. D'Gesetz vum Juli op jidde Fall bedeit just eng Prime fir déi, déi bis elo nach den Terrain zréckbehalen hunn.

Drëttens, d'Loyere klammen ëmmer méi an onerreechbar Héichten, et ginn net genuch Mietwunnenge gebaut. Déi öffentlech Mietwunnenge maachen nëmmen 11,43 Prozent vun allen Mietwunnengen aus. Vill Gemenge sinn äusserst retizent, obscho Méiglechkeete bestinn, fir staatlech Subventiounen ze kréien. A Leit mat Geld hu bis elo léiwer Aktie kaaft an op der Bourse spekuléiert, wou d'Benefisser bekanntlech méi héich sinn, oder wéinstens waren, a keng héich Baupräisser ze bezuele sinn. Och gëtt méi a Bureausraim investéiert wéi a Wunnengen, well do d'Demande méi solvent ass. D'Ursaache vun der Kris am Wunnengssecteur sinn also bei den Acteuren um Wunnengsmaart ze sichen, net bei der berühmter Demande, bei deenen, déi Wunnenge brauche well et e Mënscherecht ass, wéi hei betount ginn ass.

Firwat ass dat esou? Ma natierlech, well déi Acteuren alleguerten hire gréisstméigleche Profit sichen. De Stat sengersäits huet déi Entwécklung nach deelweis subventionéiert duerch seng Politik vun Aides au logement, déi ech awer hei net wëll kritiséieren, well si huet déi ganz Entwécklung wéinstens nach deelweis sozial verdréiglech gemaach.

Et muss een awer och soen, wat déi Aides au logement ugeet, dass se awer net esou grouss sinn, wéi dat sech ugesäit, well en Drëttel dovu besteet aus dem Remboursement vun der TVA, déi de Stat scho virdu bekanntlech agesäckelt huet.

Et ass also, menge mir och, Zäit, fir grondleeënd an der Fro vum Logement ëmzedenken. Et ass ee grousse Sträit doriwwer entbrannt, dat kann een an den Avise gesinn. D'Patronatskummere verlaangen haaptsächlech, am Géigesaz zu den Ufuerderunge vum Aménagement du territoire a vum Développement durable, dass d'Contraintë fir nei Lotissementer gelockert ginn, dass déi Retizenze sollen ophéieren, déi et a verschidde Gemenge vis-à-vis vun neie Lotissementer gëtt, da géifen d'Präisser schonn automatesch falen. Dobäi freet ee sech, firwat d'Präisser net bis elo gefall sinn, well jo ëmmerhin awer op ganz ville Plaze ganz vill gebaut ginn ass, an d'Präisser ëmmer nach an d'Luucht gaangen sinn.

Mir mengen au contraire, dass d'öffentlich Interesse virun allem sech elo mussen duerchsetzen; an zwar éischtens d'Interesse no abordablen, confortabele Wunnengen an engem convivialen Ëmfeld vu sozialen Investitiounen, an zweetens d'Interessen no engem Aménagement du territoire, dee kuerz Transportweeër an eng ëmweltschounend Bauweis virgesäit.

Et ass net esou, dass d'Regierung déi Erausfuerderunge géif grondleeënd iwwersinn. An dem Train vu Mesuren, déi elo virleien, sinn der eng Rei prinzipiell ze begréissen. Éischtens emol, d'Erhéijung vun de Subventiounen un d'Gemengen, déi a Sozialmietwunnengen investéieren. Mä ech froe mech, ob dat duergeet, well d'Retizenzen vun de Gemenge si jo net nëmme finanzieller Natur. Dacks si se prinzipiell géint sozial Mietwunnengen, a wa si der bauen, dann iwwerloosse si dem Fong d'Gestioun dovunner.

D'Fro ass, ob een net méi dissuasiv Moossnamen e gewësse Moment muss huelen, zum Beispill gëtt et a Frankräich e Gesetz, wat Gemenge penaliséiert, déi net e gewësse Prozentsaz u Sozialwunnengen hunn.

Zweetens begréisse mir och d'Aféierung respektiv d'Erhéijung vu Subventioune fir de Bau vu Crèchen a Schoulen, vu Spillplazen a Gréngflächen.

Drëttens begréisse mer och d'Bedeelegung un der Konstruktioun fir Studentewunnheemer, wou et e groussen Nohuelbedarf gëtt, elo schonn, a wéi ass et dann eréischt, wann d'Uni Lëtzebuerg soll realiséiert ginn. Iwweregens sinn ech nach ëmmer gespaant op d'Äntwert vun der Ministesch op meng Fro, vun där de Caractère urgent net unerkannt ginn ass, wéini endlech dat neit Unisgesetz, wat scho virun der Summervakanz ugekënnegt ginn ass, soll déposéiert ginn.

Manner zefridde si mir iwwregens awer mat deene Subside fir d'Fabriques d'église, déi hei schonns zurecht, mengen ech, kritiséiert gi sinn.

Véiertens begréisse mir och d'Moossnam, bei all subventionéierte gréissere Bauprojet 10% vu Mietwunnenge virzegesinn, woubäi dee Prozentsaz wuel awer vill ze vill niddereg läit.

Schliesslech ass och interessant d'Verloune vu 25% vun den öffentleche Wunnengen no net soziale Kritären, wouduerch de Stat och um normale Wunnengsmaart Ubidder gëtt. Dat muss awer eiser Meenung no eng präisssenkend Wierkung op d'Loyeren hunn, zum Beispill iwwert de Wee vun dem öffentleche Bauterrain, dee jo dann zur Verfügung steet, dee jo kann d'Präisser verbëllegen, respektiv iwwert de Wee vun Acteure vun der Économie sociale, déi och am Bausecteur zum Beispill kéinten operéieren. Firwat net zum Beispill Reparaturéquipen, Handwierkséquipen oder souguer Bauéquipen vun der Économie solidaire asetzen, natierlech zu anere Louan Aarbechtsbedingunge wéi bis elo, mat festen Aarbechtsplazen.

Ech mengen awer, dass och nach weider Efforte vun der öffentlecher Hand musse gemaach ginn. De Programm vun den öffentleche soziale Mietwunnenge muss vill méi substantiell erhéicht ginn, wéi dat bis elo an der Planung vum Fonds de Logement virgesinn ass. D'Aarbechterkummer schwätzt vun enger néideger Vervéierfachung an deenen nächsten zéng Joer, also missten déi Wunnengen eropgoe vu bis elo 3.000 op dann 12.000.

Ech mengen och, dass an d'Gesetz vun 1937 iwwert den Aménagement du territoire misst dra stoe kommen, dass d'Projets d'aménagement och e Plan d'affectation des constructions virgesinn. Ech hunn doriwwer en Amendement agereecht, fir dass d'Gemengen do kënnen op d'Zesummesetzung vun de Bauprojeten awierken, an och zum Beispill verhënnere kënnen, dass Mietwunnenge spéider a Bureausraim kënnen ëmgewandelt ginn.

***Amendement 4***

*Il est ajouté un article 23 nouveau ainsi libellé:*

*Dans la loi modifiée du 12 juin 1937 concernant l'aménagement des villes et autres agglomérations importantes, il est inséré à l'article 2, après le paragraphe c), un paragraphe d) ainsi formulé:*

*"d) un plan d'affectation des constructions".*

*(s.) Serge Urbany, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Wann een déi bestehend Gesetzgebung géif applizéieren, déi et elo schonn zënter enger Partie vu Jore gëtt, da geséich een, dass do erstaunlech Moossnamen dra wieren, fir géint Spekulante virzegoen. De Programm d'action logement vun der Regierung rappeléiert eng Rei vun deene Moossnamen, déi elo scho gesetzlech méiglech sinn, ganz opportun. Zum Beispill däerfe laut Artikel 39 vum Mietgesetz nëmme mat der ausdrécklecher Genehmegung vum Schäfferot Wunnengen a Bureauen ëmgewandelt ginn. Am Kommentar dozou heescht et: "Ce texte de loi est resté lettre morte, alors que c'est précisément ce phénomène de conversion des logements en bureaux, ou en locaux à usage commercial, qui a accentué la pénurie des logements, notamment sur le territoire de la Ville de Luxembourg."

D'Madame Beissel huet virdru bedauert, dass et do keng gesetzlech Mëttele gëtt. Ech mengen éischter, dass déi gesetzlech Mëttel, déi et gëtt, vläicht net genuch erkannt an applizéiert ginn.

Awer och dat ganzt Kapitel 5 vum Mietgesetz vun 1955, wat iwwertitelt ass "Mesures pour remédier à la pénurie du logement" - et ass also keng nei Saach, iwwert déi mer hei diskutéieren - gesäit d'Méiglechkeet vir, dass d'Gemenge kënne fuerderen, dass net occupéiert Wunnengen déclaréiert ginn, an esouguer kënne se déi Wunnenge réquisitionnéieren, déi net occupéiert ginn. Och am Gesetz vun 1979 gëtt et eng Méiglechkeet fir de Gemengerot fir Terrainen ze expropriéieren, déi no enger Zäit vun dräi Joer net bebaut ginn, nodeem den Eegentümer dozou opgefuerdert ginn ass.

D'Méiglechkeete fir eng Réserve foncière an de Gemengen ze schafen, zesumme mam Fonds de Logement, sinn och virgesinn am Gesetz vun 1979, si gi just nëmmen net genuch applizéiert. An dann och d'Dipositiounen iwwert den Assainissement vu Wunnengen, déi och ganz contraignant sinn, an och zum Beispill fir d'Gemengen eng Obligation de relogement beinhalten.

Et bräicht een also nëmmen a gewësse Fäll déi bestehend Gesetzer ze applizéieren, Här Minister, mee erstaunlecherweis sinn zu Lëtzebuerg grad déi Dispositiounen vun de Gesetzer Lettre morte. An ech froe mech, wéi wäit den Afloss vun de Wirtschaftskreeser reecht, wéi verwuerzelt zu Lëtzebuerg d'Propriétairesmentalitéit ass, fir dass esou eppes ka geschéien.

E weidert gutt Beispill fir verschidde konservativ Aflëss gesi mir och an der kuerzer Virbereedungsgeschicht vu dësem Projet de loi, wou jo den Droit au logement erausgeholl ginn ass aus dem Gesetz. Ech brénge en Amendement eran, fir en erëm dran ze setzen. Ech wëll et hei net weider motivéieren, well d'Zäit mir fortleeft, a well dat jo scho vu Kolleege virdru genuch gemaach ginn ass. Zweetens schloen ech vir, dass den Observatoire de l'Habitat och erëm an d'Gesetz soll drakommen, allerdéngs mat engem wesentlechen Zousaz, dee virgesäit, dass och kollaboréiert gëtt mat dem associative Secteur, a wéi dat och hei scho kritiséiert ginn ass, dass och dodra virgesi gëtt, dass och deen Observatoire du logement konkret Propositioune ka maachen. Dat ass also och a mengen Amendement hei virgesinn.

***Amendement 1***

*L'intitulé du projet de loi est ainsi modifié:*

*"Projet de loi modifiant 1) la loi modifiée du 12 juin 1937 concernant l'aide au logement, 2) la loi du 12 juin 1937 concernant l'aménagement des villes et autres agglomérations importantes."*

*(s.) Serge Urbany, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

***Amendement 2***

*Dans l'article premier, le premier tiret est à remplacer par la disposition suivante:*

*"- le droit au logement"*

*(s.) Serge Urbany, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

***Amendement 3***

*Il est ajouté un article 22 nouveau ainsi libellé:*

*"1) Il est créé un Institut "Observatoire de l'Habitat", auquel il appartiendra de collecter et d'analyser, en collaboration avec les services étatiques et communaux, les syndicats, les acteurs associatifs dans le domaine des interventions sociales et du logement, les données influençant le marché du logement et de diffuser régulièrement des données fiables sur le fonctionnement du marché du logement et de ses composants ainsi que d'élaborer des propositions adéquates pour garantir le droit fondamental au logement. Les analyses, propositions et avis de l'observatoire seront accessible au public.*

*2) La composition et les modalités de fonctionnement de l'observatoire et ses relations avec les services étatiques et autres ainsi que les indemnités revenant à ses membres et/ou experts appelés à collaborer aux travaux de l'observatoire sont arrêtés par règlement grand-ducal."*

*(s.) Serge Urbany, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Zum Schluss nach e puer ganz kuerz Bemierkungen. Am Index vun de Präisser ass de Wunnengsbau krass ënnerbewäert, sou bedréit do zum Beispill de Logement nëmmen 90,6 Promill vum ganzen Index, an 39,3 Promill fir d'Loyeren. Fir ee Verglach ze maachen: D'Brout ass mat 24,4 Promill an de Kéis an d'Eeër mat 20,1 Promill doranner virgesinn. An dobäi weess een awer, dass an der Realitéit de Wunnengsbau an engem normale Stot op d'mannst 30% ausmécht vun de Käschten.

Eng Reévaluatioun vum Index wier also och zum Beispill eng vun de Moossnamen, déi sech am Zesummenhang mat der Fro hei géif eiser Meenung no opdrängen.

Et fält och op, dass d'Gesetz keng Ausdehnung vun den Aides au logement virgesäit, obschonn dat awer am Programme d'action vun der Regierung virgesi war, mee awer 100 Euro pro neigebuerent Kand op ee Spuerkont setze wëll, dat ass eng Moossnam, déi och schonn hei zurecht kritiséiert ginn ass. Mir fannen et eng onwierksam Moossnam. Et ass am Fong geholl eng Moossnam fir d'Banken, an ech froe mech, wann een an där Logik bleift, da wäerte mer geschwënn och de Puppelchen e Placement an déi nei Juncker-Rent ubidden, en Urecht fir spéider eng Juncker-Rent ze kréien, da wäert och do geschwënn bei de Banken ee Kont ugeluegt ginn, wou d'Puppelcher da kënnen drop bezuelen. Vläicht ka mol den Här Minister dat mat an d'Regierung huelen, dat wier och vläicht eng ganz interessant Propositioun.

Ob jidde Fall, Dir hutt héieren, dass mir also den heite Projet net kënnen tel quel akzeptéieren, well e ganz vill Saachen enthält, mat deenen een net esou kann d'accord sinn. Mir hätte léiwer gesinn, et wier seriö diskutéiert ginn, da wieren déi Feeler, déi drastinn, net virkomm. Dofir wëll ech hei soen, dass ech mech wäert beim Vote enthalen.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Minister fir Wunnengsbau, den Här Fernand Boden.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo keng ganz einfach Aufgab hei, ech hunn am Prinzip 20 Minutte fir ze äntweren, ech hu gesinn, et si wéi vill Amendementer, aacht oder néng Amendementer, déi komm sinn, zu deenen ech och soll Stellung huelen, an e puer Motiounen. Ech wëll also versichen, mech esou kuerz ewéi méiglech ze halen, net alles dat nach eng Kéier ze rappeléieren, wat de Rapporteur an och aner Leit hei gesot hunn, wat se am Projet begréissen an ënnerstëtzen.

Ech wëll just hei merci soen, éischtens mol fir déi breet Ënnerstëtzung, déi ech fir eng ganz Rei vu Moossname kritt hunn, déi am Projet de loi virgesi sinn, zweetens fir déi konstruktiv a gutt Aarbecht, géif ech soen, déi an der Kommissioun gemaach gëtt, fir de Wunnengsbau ze aktivéieren, fir dem Minister, géif ech och soen, de Réck ze stäipen, a fir matzehëllefen, datt mir eppes bewegt kréien.

Ech wëll elo hei och net polemiséieren oder doriwwer debattéieren, wien de Motor ass, a wien den Drock ausübt, ob dat de Wunnengsbauminister ass bei der Regierung, fir ee Plan d'Action logement ze maachen, oder ob dat d'Chamber hei ass, déi versicht, iwwer esou Debatte wéi bei der Interpellatioun, oder wéi bei dësem Projet, oder wéi bei der Aktualitéitsdebatt, déi jo nach komme wäert. Mä ech mengen, wa mer gemeinsam kucken, fir Neel mat Käpp ze maachen, da wäerte mir och d'Situatioun an dem Wunnengsbau, op dem Wunnengsbaumaart verbessere kënnen. Dat soll eise gemeinsamen Intérêt, eist gemeinsamt Zil sinn.

Wéi gesot, ech soe virun allem och dem Norbert Haupert merci, dee sech ganz vill Aarbecht gemaach huet, éischtens mol fir dëse Rapport, esou objektiv wéi méiglech ze maachen. Et war och bei enger Enthalung jiddferee mat dem Rapport do d'accord. Merci dem President vun der Kommissioun, deen och versicht, fir dass do ka gutt Aarbecht geleescht ginn. Merci och all deenen, déi an der Kommissioun konstruktiv matschaffen, och fir d'Orientéierungsdebatten ze preparéieren, déi jo an zwee oder dräi Méint soll kommen.

De Rapporteur huet do, ech géif soen, eng 30 Froe gestallt, déi fundamental Froe sinn, Froen, déi wäit iwwert dat erausginn, wou de Wunnengsbauministère eleng zoustänneg ass. Eng ganz Rei vu Froen iwwert den Aménagement du territoire, iwwert de Plan d'aménagement, iwwer Fristen, déi kënne verbessert ginn, an iwwer steierlech Problemer ginn do ugeschwat. Och hei hunn eng ganz Rei vu Riedner en Deel vun där Problematik ugeschwat.

Ech mengen, et ass nach Diskussiounsstoff genuch do, wäit iwwert dat eraus, wat bis elo gestëmmt ginn ass, an deenen zwee Gesetzer. Dëst si wichteg Gesetzer, fir de Wunnengsbaumaart unzekuerbelen, fir virun allem d'Offer ze vergréisseren a fir de Gemengen ze hëllefen a si ze encouragéieren, fir och hir Verantwortung um Wunnengsbaumaart ze iwwerhuelen. Well ech wëll dat nach eng Kéier soen, wat ech ëmmer scho gesot hunn: Mir kréien nëmmen Erfolleg, wa Stat a Gemenge mat den anere Promoteurs publics a mat de Promoteurs privés zesummeschaffen, wa se alleguerte versichen, fir um Wunnengsbaumaart eppes ze bewegen an déi richteg Richtung.

Dëst Gesetz grad ewéi och dat Gesetz iwwert déi steierlech Moossnamen, wat am Juli gestëmmt ginn ass, déi leeën eng Rei vu wichtegen Akzenter, ginn eng Rei vu wichtege Méiglechkeeten, fir datt och d'Gemengen et méi liicht kréien, fir hir Verantwortung am Kader vum Wunnengsbau ze iwwerhuelen, datt och aner Promoteuren et méi liicht kréien an encouragéiert solle ginn, fir an de Wunnéngsbau ze investéieren datt och d'Leit eng Rei vun Erliichterunge kréien, fir méi gënschteg zu enger Wunneng ze kommen, sief dat en Eegenheem oder eng Mietwunneng. Also, wéi gesot merci fir déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass.

Den Här Bartolomeo huet och iwwer seng Proposition de loi hei geschwat, an ech wëll dorun erënneren, datt d'Regierung eng schréftlech Stellungnahm zur Proposition de loi an der Kommissioun virgeluegt huet, datt doriwwer diskutéiert ginn ass, datt och verschidde Saachen, déi am Text vun der Proposition de loi ganz negativ geklongen hunn, op jidde Fall an den Ae vun der Regierung, datt déi och am Gespréich e bëssen, géif ech soen, nuancéiert gi sinn. D'Texter hunn dat awer net esou hierginn, wéi dat da vläicht geduecht wär. Ech menge schonn, an der Diskussioun huet een eng Rei vu Rapprochementer gesinn an eng Rei vu Virschléi brauche jo net iwwert de gesetzleche Wee, mä kënnen iwwert de reglementaresche Wee ëmgesat ginn. Dofir, mengen ech, gëtt et do eng Rei vu Méiglechkeeten an ech hoffen, datt dat och an der Orientéierungsdebatt mat wäert zur Diskussioun kommen, fir eng Rei vun Akzenter ze setzen, déi an déi Richtung ginn, déi vun deenen eenzele Riedner an och an der Proposition de loi ugedäit waren.

Ech wëll elo just op e puer Punkten agoen, déi den Här Di Bartolomeo hei ervirgestrach huet. En huet vun der Statsgarantie geschwat, datt dat e Geheimtipp wär. Ech muss soen, a senger Proposition de loi war eng Verallgemeinerung vun der Statsgarantie virgesinn bis zu 100% vum Prêt, deen een ophëlt, D'Regierung ass a bleift der Meenung, datt et wichteg ass, d'Leit ze encouragéieren an ze incitéieren, fir mat Zäit ze spueren, fir ze weisen, dass se spuere kënnen, datt d'Banken also Vertrauen hu kënnen an hir Méiglechkeeten, fir de Prêt, deen se ophuelen, erëmzebezuelen.

Eng vun deene Moossnamen, vun där jo hei vill geschwat ginn ass, sinn déi 100 Euro, déi mer fir all Neigebuerenen, fir all Kand, wat op d'Welt kënnt, ginn. Déi 100 Euro-Moossnam huet zwee Hannergrënn. Mir wëssen, datt mat deenen 100 Euro keen een Haus baue kann, mä et geet dorëm, éischtens emol, een neit Instrument ze schafen. D'Banke si schonn amgaangen nei Produkter vum Bauspueren ze entwéckelen. Se solle Produkter entwéckelen, wou si selwer versichen, d'Leit dozou ze incitéieren ze spueren, fir herno ze bauen, sou datt déi Suen och nëmme kënnen zu deem Zweck ofgeholl ginn, datt een also, wann ee regelméisseg gespuert huet, och vun deene Méiglechkeete vun der Spuerprime, déi haut besteet, ka profitéieren.

Dann och vun der Statsgarantie, déi iwwregens an dësem Gesetz ëm 50% an d'Luucht gehuewe gëtt. Den Haaptobjektiv vun där Moossnam ass, fir do baussen d'Leit opmierksam ze maachen.

Mir hunn haut schonn en Instrument, wat leider Gottes net genügend bekannt vläicht ass, wat net genügend genotzt gëtt. Mir wëllen eben iwwert déi 100 Euro hei, wou da sécher Publicitéit derfir gemaach gëtt, wou nei Produkter entwéckelt ginn, och déi Leit, déi haut méi wéi 0 Joer hunn, déi fënnef, sechs, zéng oder zwanzeg Joer hunn, drop hiweisen, datt et Méiglechkeete ginn, fir Spuerprimen ze kréien a fir eng Statsgarantie ze kréien.

Do ginn et jo eng Rei Konditiounen. Hei kritt net jiddfereen, deen op d'Welt kënnt direkt déi 100 Euro ausbezuelt. Hie muss e Spuerkont opmaachen. An de Reglementer steet, wat fir eng Konditiounen domat verbonne sinn. Do muss d'Famill selwer eppes op d'Spuerbuch leeën. Dat ass net immens vill. Dat sinn 10.000 Frang, fir an de Frangen nach ze rechnen. Et muss een e Spuerkont opmaachen, wou Konditioune mat verbonne sinn. Déi kann een net mar ophiewe goen. Déi muss een eng ganz Rei vu Joren um Spuerkont stoe loossen. An der Kommissioun ass de Wonsch ausgedréckt ginn, dass een eréischt mat 18 Joer eppes vun deem Spuerkont ophiewen däerf. Ech géing souguer mengen et sollt een nach méi wäit goen: Et duerf een nëmmen eppes ophiewe goen am Intérêt fir en Haus ze bauen oder sech eng Wunneng unzeschafen.

Haut hu mer jo vill Problemer. Et si Leit, déi spueren de Konditiounen no, mee da wëllen se en Auto kafen, da gi se d'Suen ophiewen an da falen se net méi ënnert d'Konditiounen, déi haut verlaangt sinn, fir kënnen déi Statsgarantie ze kréien. Duerfir kënnen se net dovu profitéieren. Et geet drëm dat Instrument do méi bekannt ze maachen an d'Konditiounen esou ze maachen, datt d'Méiglechkeet besteet, datt vill méi Leit dovunner kënne profitéieren.

Ech sinn d'accord domat, datt ee kann iwwert de reglementaresche Wee kucken, ob een net de Prozentsaz vun der Statsgarantie fir gewësse Leit, déi gewisen hunn, datt se spuere kënnen, datt se e Loyer regelméisseg bezuelen, e bëssen ausweide kann. Ech mengen awer net, datt ee soll higoen an op 100% goen. Et ass wichteg, datt mir d'Leit incitéieren, fir ze weisen, datt se spuere kënnen. Da kréien se éischter e Prêt. En Eegenheem ass jo eppes, wat een eemol am Liewen normalerweis uschaaft a wat eng wichteg Décisioun fir jiddfer Famill ass. Duerfir muss ee kucken, fir déi Décisioun en connaissance de cause ze huelen, an ebe gewisen hunn, datt ee Kapassitéite genuch huet, fir kënnen déi Prêten, déi een ophëlt, erëmzebezuelen.

Déi zweet Saach, déi den Här Mars Di Bartolomeo hei ervirgestrach huet, ass d'Location-vente. Ech mengen, datt dat wat hie proposéiert méi contraignant ass wéi wat haut schonn am Gesetz vun 1979 steet. Wann een haut an eng subventionéiert Mietwunneng geet an et ass een zéng Joer an der Wunneng, da kann ee soen elo wëll ech déi Wunneng kafen.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur*.- Awer net an all Fall!

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Dach, wann dat Haus 20 Joer al ass, sécher, da kann een dat maachen. Dat ka jiddferee maachen. Dir sot elo et misst een identifizéieren, wat fir eng Wunnengen herno kënne kaaft gi vun deenen, déi dra ginn. Da muss een also vun Ufank u sech dozou am Fong geholl obligéieren, fir no zéng Joer oder wéini dat Haus an déi Wunneng do ze kafen. Haut, wann Dir zéng Joer an enger subventionéierter Mietwunneng waart, da kënnt Dir beim Fong ufroen, fir Eegentümer vun deem Haus ze ginn. Ech ka mer net virstellen, datt de Fong do dergéint ass.

**M. le Président**.- Den Här Di Bartolomeo freet d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur*.- Här Minister, däerf ech Iech eng Fro stellen? Dat, wat Dir elo explizéiert, Här Minister, dat klengt gutt, ass awer leider net esou. Ech ka mir net virstellen, datt de Fong jiddferengem, deen zéng Joer an enger Mietwunneng wunnt, d'Geleeënheet gëtt, fir déi Mietwunneng ze kafen. Wann hien dat nämlech géif maachen, dann hätte mer à terme iwwerhaapt keng Mietwunnenge méi zur Verfügung.

De Fong praktizéiert eng Politik, wou e probéiert, dass, wann een aus de Konditioune vum soziale Wunnengsbau erausfält, de Loyer gehuewe gëtt, fir déi Wunneng erëm fräi ze kréie fir een, deen ënnert d'Konditioune fält. Duerfir, déi Explikatiounen, déi Dir gitt, kléngen zwar gutt, entspriechen awer kengeswees der Realitéit.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Déi entspriechen der Realitéit.

***(Interruption)***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur*.- Här Weiler, an enger politescher Debatt am Parlament dierf een engem Minister soen, dass een net mat him d'accord ass. De Statsminister wënscht sech ëmmer eng lieweg Debatt. Mir liwweren hei e ganz bescheidene Beitrag, fir datt mer eng lieweg Debatt hunn, an datt et wierklech eng Ausernanersetzung gëtt zwëschent deene verschiddene Parteien.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Här Di Bartolomeo, mir kënnen an der Kommissioun, do ass ënner anerem och de President vum Fonds de Logement dobäi, déi dote Problematik nach eng Kéier verdéiwen, mee ech menge schonn, datt de Fong bereet ass, wann een zéng Joer an enger Mietwunneng gewunnt huet a freet, ob hien net Eegentümer kënnt vun där Wunneng ginn, datt dat, wann et méiglech ass - ech wëll dat dann aschränkend soen -, wäert geschéien. Ech mengen net, datt do vill Refuse komm sinn, mee et waren net esou vill Demanden do, fir Eegentümer dovunner ze ginn.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur*.- Mir wäerten duerfir suergen, datt méi Demandë kommen!

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Gutt, dat kënne mer jo dann nach virun diskutéieren.

Dann hutt Dir d'Problematik vum Mietzuschuss ugeschwat. Eisen éischten Objektiv ass et, och iwwert déi Moossnamen an dësem Gesetz, de Gemengen ze hëllefen, an d'Gemengen ze encouragéieren, fir am soziale Mietwunnengsbau méi aktiv ze sinn. Haut hu mer een Acteur am soziale Mietwunnengsbau, praktesch nëmmen een, dat ass de Fonds de Logement. Mir wëllen eben iwwert d'Subventiounen, déi vu 40% op 70%, respektiv 75% eropgehuewe ginn, d'Gemengen encouragéieren, fir vill méi sozial Mietwunnengen ze schafen. Wa mer dat fäerdeg bréngen, dann hu mer dat Zil, wat mir gären hätten, erreecht. Fir e Mietzuschuss anzeféieren, wou Dir selwer sot do gëtt en Deel ganz sécher verluer doduerch datt d'Mieten erhéicht ginn, ech mengen net, datt dat dee richtege Wee wär.

Ech hoffen, datt déi Offer, déi d'Regierung de Gemenge mécht, fir hinne finanziell staark entgéint ze kommen, fir sozial Mietwunnengen ze schafen, vun de Gemengen ugeholl gëtt. E wichtegt Element am ganze Wunnengsbauprogramm ass de Fënnef- oder Méijoresprogramm vun de Logements d'ensemble. Do ass virgesinn, datt praktesch duebel sou vill där Wunnenge gebaut ginn, wéi dat virdrun de Fall war, an zwar 9.000 Stéck, wou der eng ganz Rei iwwer Réserves foncières, déi gemaach ginn, realiséiert ginn. Do sinn eng ganz Rei Mietwunnengen dobäi a Wunnengen, déi fir d'Vente bestëmmt sinn.

Ech hoffen, datt d'Gemenge sech nach weider engagéieren, datt no dësem Gesetz nach aner Amateure kommen, vun der Säit vun de Gemengen aus, fir bei dem Programm matzemaachen, an datt mer déi Zuel vun 9.000 nach kënnen an d'Luucht hiewen.

Den Här Henckes an nach en aneren hunn hei virgeschloen, datt ee soll d'Méiglechkeete vum subventionéierte Mietwunnéngsbau fir Privatpromoteuren opmaachen. An der Kommissioun hat der doriwwer eng Diskussioun mat der SNHBM. Déi hunn lech erklärt ënner wat fir enge Konditiounen een eng subventionéiert Mietwunneng duerf verlounen. Do gëtt nom Revenu gekuckt.

***(Interruption)***

Et ass gesot ginn, datt den duerchschnëttleche Loyer vun esou enger Wunneng 7.000 Frang de Mount ass. Dat geet also kaum duer fir d'Käschten, déi ufalen, ze bezuelen. Dat heescht et wär wierklech de Geck mat de Privatpromoteure gemaach, wa mer géife soen: Zu deene Konditiounen do dierft Dir och matman am soziale Mietwunnéngsbau. Et geet drëm, datt d'öffentlech Hand - dat hei ass eng sozial Aufgab - soll duerfir suergen, datt déi Leit, déi net genuch Akommes hunn, fir sech kënnen eng Mietwunneng um normale private Maart ze leeschten, d'Méiglechkeet kréien, fir eben ënnert deene Konditiounen hei zu enger Mietwunneng ze kommen, déi dezent an uerdentlech ass.

Ech géif hoffen, datt do d'Gemenge méi staark dovu profitéieren, well si och eng Responsabilitéit hunn an der Schafung vu Wunnraum. Ech wéilt nach eng Kéier op den Artikel 31 vum Mietgesetz hiweisen, wou kloer steet, datt d'Gemenge responsabel si fir deene Leit, déi an hirer Gemeng liewen oder schaffen, eng Wunneng ze beschafen. Dat heescht d'Gemengen hunn do eng Responsabilitéit. Mir si bereet fir finanziell hinnen esou wäit wéi méiglech entgéint ze kommen, datt si där Responsabilitéit kënne méi staark a besser gerecht ginn, wéi dat virdrun de Fall war. Dat ass e wichtegt Element an dësem Gesetz.

Dann erlaabt mer vläicht nach kuerz ze soen, datt d'Regierung - ech hunn dat bei der Interpellatioun scho gesot - d'Problematik vum Wunnengsbau eescht hélt. Mir hunn net geschlof, mir hunn eng aktiv Politik gemaach. Ech wëll just eng Zuel nach eng Kéier hei ernimmen: 1990 huet de Stat ronn 1,5 Milliarde Lëtzebuerger Frangen ausginn als Aiden un de Wunnengsbausecteur. Haut sinn et ronn 5 Milliarden, an Euro ausgedréckt 125 Milliounen Euro. Dat ass op d'mannst eng Verdräifachung an deene leschten 10 Joer. Dat beweist, datt wierklech de Stat bereet war an nach weider bereet ass, fir massiv Gelder an de Wunnengsbau ze stiechen, fir datt dee Wonsch no enger Wunneng oder d'Recht op eng Wunneng, wéi hei gesot ginn ass, net en Dram bleift, mee datt deen esou wäit wéi méiglech Realitéit gëtt.

Mir hunn effektiv ëmmer eng Prioritéit geluegt op d'Eegenheemuschafung, well dat de gréisste Wonsch vun de Lëtzebuerger ass, mee mir si bereet, fir jiddfer Promoteur ob public oder privé ze encouragéieren, fir méi an de Mietwunnengsbau ze investéieren. Dat Gesetz iwwert d'Fiskalitéit, wat Der gestëmmt hutt, reegt d'Privatpromoteuren un, fir an de Mietwunnengsbau ze investéieren. Den Taux d'amortissement accéléré fir de Mietwunnéngsbau ass verbessert ginn a weider Méiglechkeeten hu sech opgemaach, fir zu bessere Konditioune kënnen an de private Mietwunnengsbau ze investéieren. Hei ass e puermol gesot ginn, datt d'Loyersgesetz heiansdo eng Barrière ass, fir dass d'Privatpromoteuren an de Mietwunnengsbau investéieren.

Mir hu jo gesot, an doriwwer diskutéiere mer ganz sécher am Débat d'orientation, datt d'Loyersgesetz reformbedürfteg ass an enger Rei vu Punkten. Een dovu steet an der Regierungserklärung. E puer anerer hu mer schonn diskutéiert. Ech sinn op, fir an där Richtung, well dat meng Kompetenz jo ass, e Projet de loi ze presentéieren. Ech wollt dat awer net elo maachen, well Dir soss nach eng Kéier gesot hätt: "Dir kommt stéckweis hei mat Projeten an d'Chamber. Mir hunn net d'Méiglechkeet gehat, fir dat an engem Débat d'orientation richteg duerchzediskutéieren." An zwee bis dräi Méint hu mer deen Débat. Ech hoffen, datt mer do iwwert déi Problematik schwätzen. Ech sinn da gäre bereet, deenen Ureegungen Rechnung ze droen an der Chamber e Projet an där Hinsicht ze presentéieren.

Da wëll ech nach agoen op eng Rei vu Problemer, déi vun deenen eenzelnen Diskussiounsriedner hei opgeworf gi sinn. Ech soe merci fir déi Diskussiounen, déi hei gefouert gi sinn. Et sinn eng Rei vu Leit, déi hunn d'Pénurie vum Logement e bëssen a Fro gestallt. Si hu gesot et géif oft iwwerdriwwe ginn. Ech mengen, dee gréisste Problem sinn effektiv d'Baulandpräisser. Do muss ee kucken, fir d'Offer ze vergréisseren, an déi Präisser e bësse besser an de Gréff ze kréien. Dat ass d'Haaptzil vun deene villen Aktiounen, déi d'Regierung gemaach huet an nach mécht. Ech wëll nach eng Kéier déi 9.000 Wunnengen ernimmen, déi sollen iwwert de Méijoresprogramm geschafe ginn, déi vill Wunnengen, déi de Stat wëllt schafen am Kader vun der Revaloriséierung vun de Friches industrielles an am Kader vun der Aménagéierung vum Kierchbierg, wou jo 20.000 Awunner sollen hikommen.

Et gëtt eng ganz Rei vun Elementer, wou mer Incentivë wëlle schafen. Och déi steierlech Moossnamen, déi zäitlech begrenzt sinn, sollen d'Leit encouragéieren, fir elo Bauplazen a Wunnengen op de Maart ze bréngen. Mir hoffen, datt dat en Erfolleg huet. Wann net - dat huet de Statsminister jo kloer gesot -, da muss een ebe méi contraignant Mesuren ergräifen, fir beim Bauland e Präisstop erbäizeféieren oder déi Präisentwécklung ze bremsen.

Wat d'Ugebuet u Wunnengen ubelaangt - Dir hutt dat jo selwer hei e puermol gesot -, esou sinn an deene leschten zéng Joer ronn 30.000 Stéit hei am Land bäikomm. Mir hunn awer och an deene leschten zéng Joer ronn 30.000 Wunnenge méi geschafen. Dat heescht d'Zuel vun de Stéit, déi bäikomm sinn, an d'Zuel vun de Wunnengen, déi geschafe gi sinn, halen sech plus ou moins d'Wo. Dat heescht, et ass keng méi grouss Pénurie komm. Dat, wat mir Suerge gemaach huet, dat ass, datt, nodeem datt mir gemierkt hunn, datt d'Zuel vun de Wunnengen, déi fäerdeg ginn, an d'Luucht geet an deene leschte Joren, d'Zuel vun den Autorisations de bâtir, also vun de Bauautorisatiounen, erofgaangen ass an deene leschten zwee Joren, souguer staark erofgaangen ass.

Et weess een, datt dat sech e puer Joer duerno an der Zuel vun de fäerdege Wunnengen auswierkt. Do hu mer gemierkt, dass do e Problem op eis zoukënnt. Gott sei Dank, géif ech soen, ass am éischten halwe Joer vun 2002 den Trend erëm staark ëmgedréint. 13 oder 14% méi Bauerlaabnisser sinn erausgaange wéi am nämlechten Zäitraum vum Joer virdrun. Ech hoffen, datt den Aktiounsprogramm vun der Regierung an déi Diskussiounen hei an der Chamber dozou bäigedroen hunn. Mir wäerte versichen d'Offer weider ze vergréisseren an do Efforten ze maachen.

Déi grouss Zuel vu Ménagen, déi bäikomm sinn, huet deels eng demographesch Ursaach, well d'Stéit ëmmer méi kleng ginn, mee et huet natierlech och domat ze dinn, datt vill Leit an eist Land erakomm sinn, well mer en immens grousse Wirtschaftswuesstum haten. Mir wëssen, datt esou e Wirtschaftswuesstum net op éiweg Zäite garantéiert ass. Et kann also ganz gutt sinn, datt déi Ängschten, déi een elo huet, datt dat géif esou weidergoen, an datt géifen ëmmer esou vill Stéit bäikommen, net berechtegt sinn, well dee Wirtschaftswuesstum ka gebremst ginn.

Dat heescht et muss een d'Entwécklunge genee analyséieren. Duerfir hu mir gesot: Mir schafen am Kader vum Ministère en Observatoire du logement, deen déi Saachen do soll iwwerwaachen. Dir hutt deen éischten Numero vun deem Observatoire zougestallt kritt, dee regelméisseg Publikatiounen iwwert d'Situatioun um Wunnengsmaart soll erausginn, fir eis alleguer ze erméigleche méi en connaissance de cause eis Politik deemno ze axéieren.

Iwwert déi Prime vun 100 Euro hunn ech e puermol geschwat. Et soll en Encouragement si fir op e wichtegt Instrument, wat besteet, wat awer net genügend bekannt ass, opmierksam ze maachen an d'Leit ze incitéieren, fir an d'Richtung vum Bauspueren ze goen.

**Une voix**.- Här Minister, Är Zäit ass ofgelaf.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Jo. Ech kommen elo nach op d'Amendementen ze schwätzen an op d'Motiounen. Gutt, ech wëll déi aner Saachen iwwersprangen an direkt op d'Amendementen agoen, well Dir jo gären dozou eng Stellungnahm vun der Regierung hätt.

Am éischten Amendement gëtt gefrot, den Intitulé ze änneren. Ech mengen, do ass en Dréckfeeler geschitt. Do geet Rieds vum Gesetz iwwert d'Aide au logement. Dat ass awer net d'Gesetz vum 12. Juni 1937, mee et ass dat vum 25. Februar 1979, wat mer elo hei diskutéieren. Deen Amendement ass also ze verwerfen, well e falsch ass.

Am zweeten Amendement steet, dass d'Promotion du droit au logement erëm soll an den éischten Artikel ageschriwwe ginn. Mir hate jo d'Promotion du droit au logement dra stoen. De Statsrot huet eng Rei vu fundéierten Argumenter ginn, fir doraus d'Promotioun vum Accès au logement ze maachen. Mir sinn der Meenung, datt een deen Amendement net soll unhuelen. Et si jo hei Froen opgeworf ginn, ob een net sollt an der Verfassung d'Recht op wunnen aschreiwen. Et ass un der Chamber, fir selwer doriwwer ze befannen, iwwert déi Resolutioun.

Et muss ee sech natierlech bewosst si wellech Konsequenzen dat huet, och fir d'Gemengen. Et soll een esou Saachen net iwwerstierzt hei décidéieren, mee et soll een dat examinéieren, d'-Pour a Contrë wierklech op den Dësch leeën, an da kucken, ob een dat soll maachen oder net soll maachen.

Am drëtten Amendement gëtt gefrot, fir den Observatoire de l'habitat erëm an den Text ze setzen. E stung jo dran, mee de Statsrot an anerer hu gemengt dat soll vum Ministère selwer gemaach ginn. Et soll e Service am Ministère selwer ginn. Mir hunn dat akzeptéiert. Mir schaffen do enk zesumme mat dem CEPS, deen eis Hëllefstellung leescht, fir eng besser Iwwersiicht iwwert d'Situatioun um Wunnengsbaumaart ze kréien. Mir hoffen, datt dat dozou féiert, datt mir kënne regelméisseg Publikatiounen doriwwer erausginn. Deen Amendement kënne mer net akzeptéieren. An der Kommissioun ass jo doriwwer diskutéiert ginn an dat ass ofgelehnt ginn.

Am Amendement véier gëtt gefrot, fir d'Gesetz vum 12. Juni 1937 iwwert den Aménagement des villes et autres agglomérations ze amendéieren. Deen Amendement kënne mir och net unhuelen, well deen net an dëst Gesetz erapasst, mee ech wëll lech just soen - an Dir wësst dat och -, datt den Innenminister amgaangen ass d'Gesetz vun 1937 ze reformëieren, esou datt Dir an absehbarer Zäit e Projet de réforme vum Gesetz vun 1937 hei op den Dësch wäert kréien.

Dat ass dann de Kader, fir iwwert dës Problematik ze diskutéieren. Ech hat jo an der Kommissioun proposéiert, datt ee soll mam Innenminister driwwer schwätzen en vue vun der Preparatioun vum Débat d'actualité iwwert de Logement, fir déi Problematike vun de Fristen an den Amenagéierungspläng fir déi jo den Innenminister zoustänneg ass, an der Kommissioun ze diskutéieren an am Kader vum Débat d'actualité dorobber anzegoen.

Zum Amendement fënnef huet den Här Garcia jo gesot et wär ganz schlëmm, wann een eppes, wat schonn eng Primmestrenz wär, nach géif weider ausdehnen. Hei gëtt gefrot, datt all Kand, wat manner wéi 18 Joer ass, soll dee Montant vun 100 Euro op e Compte d'épargne-logement kréien. D'Regierung ass der Meenung, datt een dat soll nei aféieren, mee datt ee soll alleguerten déi, déi keng 100 Euro kréien, drop opmierksam maachen, datt en Instrument besteet, datt wann ee während dräi Joer dausend Frang de Mount, dat heescht 12.000 Frang d'Joer, gespuert huet, een da kënnt eng Bauprime kréien, déi entspriechend héich vun deene Suen ass, déi ee gespuert huet, dat Ganzt mat engem Plafong, an datt an deem Fall d'Statsgarantie och spille kann. Et geet drëm, fir d'Leit op dat Instrument opmierksam ze maachen. Mir kënnen net déi Ausdehnung op d'Kanner ënner 18 Joer unhuelen.

An deem nächsten Amendement gëtt proposéiert, fir de Gemengen nach méi entgéint ze kommen, wann an engem gréissere Lotissement, deen de Fong mécht, Garderieën, Crèchen oder e Schoulsall musse gebaut ginn. De Fong soll do jo an Zukunft 50% bäileeën. Do ginn da Verglacher gemaach mat aneren, datt se bei Schoulklassesäll sollen 80% bäileeën.

De Fong ass net zoustänneg, fir Bäihëllefen un d'Gemengen auszedeelen. Dat gëtt no Kritäre gemaach, déi den Innenminister festgeluegt huet. De Minister huet gesot hie wär bereet, mat de Gemengen zesummen doriwwer ze diskutéieren.

**Une voix**.- Wéini?

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Hien ass amgaangen, fir dat ze maachen, fir allgemeng mat de Gemengen ze diskutéieren iwwert d'Obligatioune vun de Gemengen an doriwwer, wat de Stat bereet ass fir déi Obligatiounen, déi d'Gemengen hunn, finanziell ze begleeden.

Hei ass de Fong bereet, fir en Effort ze maachen, fir 50% bäizeleeën. Wann den Innenminister an deenen Diskussiounen do op 80% géif kommen, da wär et kee Problem, datt den Inneminister dat, wat iwwert déi 50% erausgoe géif, bäileeë géif.

Fir gewëssen Infrastrukture gëtt haut e Prozentsaz, dee méi héich ass wéi 50%, ausbezuelt. Mir hu mam Innenminister ofgemaach - mir schwätzen och heiansdo mateneen, Här Di Bartolomeo, och wann Dir dat net esou gleeft -, datt, wann eng Gemeng en héijere Prozentsaz zegutt hätt, den Innenministère da géif dee Supplément, deen d'Gemeng zegutt hätt, bezuelen, esou datt jiddfereen op d'mannst dee Minimumsockel vu 50% géif kréien.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur*.- Entschëllegt Här Minister, suergt just duerfir, dass net den Intérieur ausbezilt, well do dauert et ëmmer 10 bis 15 Joer, bis dass ee seng Sue kritt.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Da kënnt den Amendement Numero siwen. Do ass am Rapport vun der Kommissioun laang driwwer geschwat ginn. Do geet et ëm d'-Kompositioun vum Fonds de Logement. D'Argumenter stinn am Rapport vun der Kommissioun, wuerfir dass d'Majoritéit vun der Kommissioun der Meenung war, fir dat net esou ze akzeptéieren, wéi et an dësem Amendement gefrot gëtt.

Ech wëll eng Klamer opmaachen iwwert de Fonds de Logement, well jo gesot ginn ass, et wier hei net de Moment an net d'Zäit fir iwwer en Artikel, deen haut an enger Dageszeitung war...

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur*.- Net iwwer en Artikel, mee iwwert de Rapport vun der Cour des Comptes.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Dat ass e Problem, e Rapport vun der Cour des Comptes ass mir net bekannt. Ech muss dat ganz éierlech soen.

***(Interruptions)***

Deen ass anscheinend de Membere vun der Kommissioun vum Contrôle budgétaire zougestallt ginn. Ech hunn eng Kopie vun engem Bréif kritt am August vun engem éischte Rapport vun der Cour des Comptes un de Fonds de Logement.

Do ass vun engem Examen contradictoire Rieds gaangen. De Fonds de Logement soll äntwerten. De Fonds de Logement huet dorobber geäntwert. Ech war ëmmer der Meenung elo géif do en Examen contradictoire gemaach ginn an da géif deen definitive Rapport vun der Cour des Comptes kommen. Or, ech hun elo héieren, dass iergend en Dokument an d'Chamber komm ass, e grousse Rapport vun 130 Säiten, wou Berichter iwwer x Auditen dra wären, an ee vun deenen x Audite wär dee vun der Cour des Comptes iwwert de Fonds. Do wären hir éischt Bemierkungen dran an d'Äntwerte vum Fonds wären do hannendrun.

Esou hat ech mer dat am Fong net virgestallt. Ech muss dat ganz éierlech soen. Bei engem Examen contradictoire si mer ëmmer gewinnt, bei der Europäescher Kommissioun, dass een dann den Äntwerte Rechnung dréit a kuckt, wat ass richteg a wat ass falsch dorunner. Ech si gäre bereet, fir an déi Commission du Contrôle budgétaire ze kommen an doriwwer Rechnung ofzeleeën.

Ech wëll just soen, dass de Fong menger Meenung no eng gutt Aarbecht mécht. De Fong huet an de leschten zéng Joer, ech mengen, iwwer 5 Milliarde Chiffre d'affaires gemaach. Am Exercice 2000, deen elo zur Diskussioun steet, mengen ech, waren et ronn 700 Millioune Lëtzebuerger Frang. Also et ass de major Player op d'mannst am subventionéierte Wunnengsbau, deen derfir suergt, dass villes geschitt an dass Leit, déi e manner héicht Akommes hunn, zu akzeptable Präisser un eng Wunneng kommen, entweder eng Eegewunneng oder eng Mietwunneng. Si maachen an dësem Beräich eng ganz gutt Aarbecht.

Ech fannen net, dass se net géife genuch kontrolléiert ginn, wéi dat esou ukléngt. De Fonds de Logement gëtt kontrolléiert vun engem Réviseur d'entreprise. Dat ass keng gesetzlech Obligatioun. All Joer mécht de Réviseur d'entreprise e Rapport. Dee war nach ëmmer positiv. Ech schécken, soubal wéi ech dee Rapport kréie vum Réviseur d'entreprise, dee Rapport mat de Konten un d'Chamberskommissioun. Da geet en un d'Cour des Comptes. De Fong huet zwou Kontrollen: eng Kontroll vum Réviseur d'entreprise, wéi eng privat Firma, an eng Kontroll vun der Cour des Comptes.

***(Interruption)***

Jo, ech wëll. Ech hunn héieren Dir hätt awer ganz am Ufank vun der Sitzung, wéi ech net hei war, driwwer geschwat.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Neen, neen.

**Une voix**.- Hien huet gesot, hie géing net drop agoen.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Ech hu just gesot gehat, dass do soll an der Kommissioun diskutéiert ginn. Wann Dir awer wëllt, da kënne mir d'Debatt ufänken.

***(Interruption)***

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Neen, ech wëll just hei soen, dass Kontrollen do sinn, dass mir an där Commission du Contrôle budgétaire sollen doriwwer diskutéieren an aller Offenheet. Da kann een do kucken, wat do richteg a falsch ass, a wat eventuell muss anescht gemaach ginn, wann do Saache sinn, wou ee mengt et misst anescht gemaach ginn. Ech sinn och gäre bereet mat der Cour des Comptes zesummenzekommen, well ech mer erwaart hat si géifen opgrond vun där Äntwert vum Fong soen: Dat do kënne mir akzeptéieren, dat do kënne mir net akzeptéieren, esou, géife mir mengen, sollt Dir et an Zukunft maachen. Ech si, wéi gesot, gäre bereet mat der Cour des Comptes zesummenzekommen, fir ze kucken, wat hire Wonsch an dëser Hinsicht ass. Wat elo d'Kompositioun vum Fong ubelaangt, si mir der Meenung, datt dat, wat am Rapport vun der Kommissioun steet, soll esou gemaach ginn, an datt deen Amendement hei net soll ugeholl ginn.

Da kommen ech zum Amendement Numero aacht, wou den Här Henckes jo e ganz groussen Numero gemaach huet, fir dat Wuert "étranger" ze sträichen.

***(Interruption)***

Ech wëll soe wou dat heiten hierkënnt. Zënter 20 Joer stëmmt Der all Joer e Budgetsartikel, wou dat hei dra steet. Wat ass de Sënn heivunner?

***(Interruption)***

Et si just Bauentrepreneure an e puer Hotelieren, déi dovunner profitéiert hunn. De Sënn heivunner ass, dass, wann déi Friemaarbechter eranhuelen, déi net direkt eng Wunneng kréien, oder Schwieregkeeten hunn eng Wunneng zu engem uerdentleche Präis ze kréien, da kënnen déi fir déi eng Wunneng bereet stellen. Da kréien déi Friemaarbechter eng Wunneng, mee dat sinn - Logisen hunn déi virdru geheescht - keng grouss luxuriéis Logementer. Si kréien do bäigehollef, dat si 40%, a bis zu engem Plafong vun 250.000 Frang.

***(Interruption)***

Et duerf een net een Artikel eleng kucken. Déi ganz Kritäre muss ee genee nokucke beim subventionéierte Wunnengsbau.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Jo.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Souwuel d'Vente wéi de Locatif. Hei geet et ëm d'Locatioun. Do sinn eng Rei vu Kritäre festgeluegt.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Wat fir eng Artikelen, Här Minister?

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Kuckt emol d'Artikele 17, 18 an 19, déi applizéieren sech alleguer. Dat geet net wéi Dir sot fir räich Banquieren, dass déi eppes maache fir hir Employéen. Dat ass absolut net méiglech, well et muss ee schonn ënnert d'Konditioune vum soziale Wunnengsbau falen, fir iwwerhaapt heivunner kënnen ze profitéieren. Jo, dat ass awer esou, Här Henckes. Dat ass esou.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Ech liesen Iech et elo gläich vir.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Jo, da liest et roueg vir. Kuckt, ech kennen d'Gesetz do.

***(Brouhaha général)***

Ech wëll just soen, datt et eppes ass, wat zënter 20 Joer all Joer hei vun der Chamber als Budgetsartikel décidéiert ginn ass. Mir wollten deem eng legal Basis ginn. Esou e Projet muss an de Fënnefjoresplang mat erageholl ginn. Et ginn eng Rei vu Konditiounen, déi ze erfëlle sinn. Et si Konventioune mat de Patrone gemaach ginn. Déi Patronen dierfen nëmmen e Loyer froen, deen dem Revenu entsprécht. Dat heescht et gëllen déi nämlecht Konditioune wéi am soziale Mietwunnengsbau. Ech denken, dass et wierklech nëmmen an aussergewéinleche Fäll, héchstens vun Entrepreneuren, ka gemaach ginn.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Neen.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Esou war et an der Vergaangenheet ëmmer.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Ah jo, mee Dir hutt en neit Gesetz gemaach.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Ech soen dann hei: Wann et sech géif erausstellen, dass do iergendeen Abus géif kommen, da sinn ech deen Éischten, deen hei an d'Chamber kënnt a seet, dass mir dat doten ofännere mussen.

Et ass drëm gaangen, fir dem Patron vu Leit, déi fir d'éischt an d'Land kommen an déi mir brauchen, d'Méiglechkeet ze ginn, fir deene Leit eng bëlleg Wunneng zur Verfügung ze stellen. Et besteet ee Plaffong vun 250.000 Frang, ech mengen net, datt een do ganz deier a luxuriéis Wunnenge kann duerfir maachen. Ech wollt dat just nach eng Kéier soen.

***(Interruptions)***

**M. le Président**.- Loosst de Minister dach schwätzen.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Deen nächsten Artikel, wou hei e groussen Numero gemaach ginn ass, wou et drëm geet, datt d'A.s.b.l.e kënnte bis zu 75% gehollef kréien, wa si eng Konventioun mat der Regierung maachen. Dat ass eppes fir sozial agestallten A.s.b.l.en, wéi mir der haut hunn, wéi "d'Stëmm vun der d'Strooss" zum Beispill, loosse mer déi nennen, oder anerer. Et muss ee jo Konventioune maachen.

***(Interruption)***

Dach, et steet dran, dass eng Konventioun muss gemaach ginn an do ginn d'Kritäre dra fixéiert. Et geet also drëm, fir wierklech sozial Benodeelegten ze hëllefen, datt se iwwert d'Mathëllef vun enger A.s.b.l., déi am soziale Beräich schafft, kënnen ënnert dezente Konditiounen zu enger Mietwunneng kommen. Dat ass de Sënn an den Zweck dervun. Esou wäerten d'Konditiounen och weider festgehale ginn. Do besteet och schonn zënter 20 Joer, mengen ech, e Budgetsartikel doriwwer. Mir wollten dat am Gesetz festhalen, well et net gutt ass, wann een 20 Joer laang iwwer e Budgetsartikel dat mécht.

Do gëtt wierklech versicht, fir all Abusen ze évitéieren. Et muss e Règlement grand-ducal gemaach ginn, an esou Projete ginn an de Fënnefjoresplang ageschriwwen. Ech soen och do: Wann et sollt iwwer Jurisprudenze derzou kommen, datt mer do missten d'Dier méi wäit opmaache wéi mir dat wëlle maachen, dann ännere mir deen Text direkt erëm.

Dat ass net de Sënn dovun. Et geet drëm, fir wierklech sozial Schwaachen entgéint ze kommen, dass se kënnen zu enger Wunneng kommen. Bei all deene Wunnengen, déi ech genannt hunn, och bei den Entrepreneren, geet et just drëm, dass se een, zwee oder héchstens dräi Joer dra bleiwen, an da kucken eng aner Wunneng ze kréien. Et geet drëm, fir en Iwwergang ze iwwerbrécken. Do bleift kee laang dran, well et ass qualitativ net esou, datt et ganz interessant wär, fir jorelaang dran ze bleiwen. Ech wollt dat just nach eng Kéier zur Erklärung soen, well den Här Henckes trotz allem e groussen Numero dorausser gemaach huet.

**M. le Président**.- Här Minister, Dir misst zum Schluss kommen.

**M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- An der Motioun 1 geet et drëm, fir datt mer bis den Dezember 2002 géifen déi Augmentatiounen, déi an der Proposition de loi vum Här Di Bartolomeo virgesi waren, an engem Projet de règlement festhalen. Wann Dir déi schréftlech Stellungnahm vun der Regierung op d'Proposition de loi vum Här Di Bartolomeo noliest, da gesitt Dir, dass hien eng Rei vu Saache proposéiert huet, déi wierklech kee Sënn maachen. Ech hunn him dat och gesot.

***(Interruption)***

Et ass och net ëmmer einfach, ech sinn domat d'accord.

Dir hutt zum Beispill proposéiert e gewësse Prozentsaz op 75% erop ze setzen, an zwar wann een Infrastrukture fir Bauplaze mécht. Am Gesetz steet och, dass d'Gemeng muss 25% bäileeë vun deem, wat de Stat bäileet. Dat heescht, da misst also d'öffentlech Hand 100% fir d'Bauplaz bäileeën. Si misst also fir null Frang verkafen. Dat ass jo net de Sënn dovu gewiescht. An enger Rei vu Fäll ass et net machbar déi Tauxen ze applizéieren, déi Dir proposéiert hutt.

***(Interruption)***

Ech hunn Iech nach eng Kéier gesot, dass d'Regierung bereet ass, d'Plafonge vum Akommes an d'Luucht ze hiewen, fir dass Leit mat mëttlerem Akommes kënnen an de Genoss vu subventionéiertem Wunnengsbau kommen. Si sollen net héich Primë kréien, mee virun allem sollen se éligibel gi fir dee subventionéierte Wunnengsbau vum Fonds de Logement a vun öffentleche Promoteuren.

Da kënnen se zu vill méi gënschtege Konditiounen zu engem Eegenheem kommen. Dat ass de Sënn an den Zweck vun deem, wat mir wëlle maachen. Méi Leit sollen éligibel gi fir de subventionéierte Wunnengsbau a mir wëllen net jiddferengem 50% oder 25% bäiginn. Et ass vill méi kompliziéiert. Mir wëllen d'Verdeelung vun den Aidë jo méi gerecht maachen, der Kompositioun vum Ménage méi staark Rechnung droen. Dat heescht Familllje mat Kanner kommen da besser ewech, wéi dat haut de Fall war. Dat ass net méiglech, no deem Text wéi Dir e proposéiert hat. Mir wëllen an déi Richtung do goen. Dat huet d'Regierung an hirer Regierungserklärung ugekënnegt a mir wäerten dat och maachen. Duerfir kënne mir déi Motioun net telle quelle unhuelen.

Et ass eng zweet Motioun do vun der grénger Fraktioun, déi den Här Garcia hei presentéiert huet. Et besti jo schonn eng ganz Rei Méiglechkeete vum Stat a vun de Gemengen, fir Bauland op de Maart ze bréngen. Ech hunn eréischt dovu geschwat, wat d'Regierung wëlles huet bei de Frichen, wat d'Regierung wëlles huet um Kierchbierg iwwer öffentlech Bauträger. D'Gemengen kréien d'Méiglechkeet duerch dëst d'Gesetz, fir an déi Richtung ze goen. Dat hei passt éischter eran an de Kader vum Débat d'actualité, wéi an de Kader vun dësem Gesetz. Ech wär bereet, dass een déi Motioun zrécksetzt, fir an der Kommissioun dat ze diskutéieren oder soss géif ech proposéieren, fir se ofzelehnen, well eng ganz Rei vu Méiglechkeeten haut scho bestinn. Dat brauch een net alles nach eng Kéier ze examinéieren.

**M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

***(Interruption)***

Dir hutt den Amendement dach eraginn.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Jo, mee ech wëll en awer nach exposéieren. Ech hunn zéng Minutten Zäit.

**M. le Président**.- Mir diskutéieren en, wann et esou wäit ass. Et gëtt jo een nom anere virgedroen.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Bon.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Här President, eise Member huet nach d'Recht, fir Parole après ministre ze froen a mir hunn nach siwe Minutten Zäit, fir ze schwätzen.

**M. le Président**.- Jo, mee hie géing gären zum Amendement schwätzen. Et war bis elo üblech, datt een dee Moment, wou deen Artikel kënnt, dozou geschwat huet.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- ..., fir dat an engem Coup ze maachen. Da brauch een net zweemol...

***(Hilarité)***

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Här President, de Minister huet 100% iwwerzunn. Mir hunn nach 7 Minutten zegutt.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, mir versiche just nëmmen an deenen Zäiten, déi ons zur Verfügung stinn - an deene puer Minutten -, fir Stellung ze huelen, ze reagéieren op dat, wat den Här Minister gesot huet.

Här Minister, ech hunn hei eng Lecture vum Gesetz kritt. Dat steet net esou am Text, dee mir haut sollen ofstëmmen. Duerfir war ons Propositioun gewiescht, Här Minister, datt wann ee wëllt als Législateur, als Chamber, eng gutt Aarbecht maachen, da muss ee prezis Texter hunn, déi dat alles virgesinn. Mir musse leider feststellen, Här Minister, datt dat, wat Dir sot, niergendwou am Text steet.

Am Text steet dran, datt en Employeur, fir elo beim Artikel 30bis ze bleiwen, ka bis zu 40% vun engem Bau finanzéiert kréien, wann e fir seng auslännesch Aarbechter oder Beamte baut. Deen eenzegen, deen also excluéiert ass, ass de Lëtzebuerger. Dat steet kloer an däitlech am Text. Déi aner Konditioune vum Artikel 17, Här Minister, do ass selbstverständlech kee Problem, fir déi ze erfëllen. Do steet dran et misst eng Isolation thermique dra sinn. Do steet dran, se missten am Bauperimeter gebaut ginn an nach e puer aner Saachen, wou deen Deel am Logement locatif ass. Domat hu mir absolut kee Problem, fir dat nach mat a Betracht ze zéien, mee dat, wat iwwreg bleift, dat ass, datt wann de Patron wëllt fir seng lëtzebuergesch Salariéen eppes bauen, da kritt en näischt. A wann e fir déi aner eppes wëllt bauen, do ass guer näischt vu klengen oder schlechte Wunnenge gesot ginn. Dat ass einfach sans critère festgehale ginn.

Duerfir hunn ech geduecht, wann Dir nëmme fir déi kleng Wunnengen eppes maache wëllt, da muss een dat iwwer e Règlement grand-ducal oder soss eppes regelen, mee dat ass net geschitt. Den Text ass net gutt. Mir sinn hei verantwortungsvoll, fir eng gutt legislativ Aarbecht ze leeschten, duerfir ons Remarque. Mir kënnen, esou wéi den Text hei libelléiert ass, net d'accord sinn.

Deen zweeten Deel, dat ass dat mat den A.s.b.l.en. Här Minister. Dir hutt ons gesot do misst eng Konventioun mat deene geschafe ginn. Déi eenzeg Konventioun, déi Dir kënnt maachen, dat ass ze soen, datt se de Subsid kréien. Et steet niergendwou am Gesetz, dat mir virleien hunn, datt iergendeng Konditioun gestallt ass un d'A.s.b.l., sauf déi, eng A.s.b.l. ze sinn. Méi steet net dran. Och do, Här Minister, wann Dir mengt, datt do aner Konditioune missten dobäi sinn, dann hätt dat missen am Gesetz nidergeschriwe ginn. Et ass awer net geschriwwe ginn.

Dat ass dat, wat ech just wollt ervirsträichen, Här Minister. D'Gesetz ass op deene Punkte fir ons net akzeptabel. Dir hutt eng Ouverture gemaach, datt Dir et héchstwahrscheinlech géingt an nächster Zäit änneren. Et wär besser gewiescht, elo uerdentlech Aarbecht ze maachen.

**Des voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4977. Mir fänken u mam Intitulé, dat ass en éischten Amendement vum Här Serge Urbany. Deen Amendement läit textuell vir. Den Här Urbany freet d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Här President, ech zéien dësen Amendement an den Amendement 4 zréck. Ech waarden op dat neit Gesetz, wat do soll kommen iwwert den Aménagement du territoire.

An deem heiten Amendement ass tatsächlech e materielle Feeler dran: Den Datum vum Gesetz ass falsch. Dee Feeler wier jo nach ze redresséieren, mee vu dass ech den Amendement 4 zréckzéien, huet et kee Wäert méi am Intitulé vum Gesetz, nach eng Kéier dat Gesetz ze erwähne vun 1937, wat ech domadder ännere wollt.

**M. le Président**.- Et ass gutt.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Ech halen awer drop, dass iwwert d'Amendementen 2 an 3 ofgestëmmt gëtt.

**M. le Président**.- Den Här Di Bartolomeo freet d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur*.- Här President, ech wollt just eppes soe wéinst der Form. Mir haten am Laf vun der Debatt gefrot, dass iwwert d'Proposition de loi ofgestëmmt géif ginn. Duerfir d'Fro un de President, wéi mir dat elo maachen? Et wär eigentlech logesch, dass fir d'éischt iwwer d'Proposition de loi géif ofgestëmmt ginn.

**M. le Président**.- Mir hunn de Mëtteg hei d'Gesetz diskutéiert. Mir stëmmen elo of iwwert d'Gesetz, well déi aner Prozedur, dat wär en neie System.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur*.- Här President, mir sinn a Presenz vun enger Proposition de loi, déi aviséiert ass.

**M. le Président**.- Déi Proposition de loi ass integréiert ginn an d'Gesetz. Dir konnt Är Bemierkunge maachen an d'Kolleegen hu Stellung dozou geholl, mee wat elo ofgestëmmt gëtt, dat ass d'Gesetz.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur*.- Okay.

***(Interruption et hilarité)***

**M. le Président**.- Mir kommen elo zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4977 a stëmmen doriwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Artikel 1 ass gelies.

***Amendement 1***

Zum Artikel 1 läit en Amendement vum Här Urbany vir. Deen halt Dir jo oprecht, wann ech Iech gutt verstanen hunn?

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- D'Amendementer 1 a 4 sinn zréckgezunn.

**Une voix**.- Den Amendement 2 gëllt och nach fir den Artikel 1.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Nee, nee. Den Amendement 1 gëllt fir den Intitulé vum Gesetz. Den Amendement 2 gëllt fir den Artikel 1 vum Gesetz an doriwwer soll ofgestëmmt ginn. Ech froen e Vote éléctronique, well dat mer awer ganz wichteg schéngt. Et geet hei ëm den Droit au logement.

***Amendement 2***

**M. le Président**.- Mir stëmmen iwwert den Amendement 2 of, deen zum Artikel 1 abruecht ginn ass.

***Vote***

Déi fir den Amendement 2 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement 2 ass verworf mat 45 Nee-Stëmmen, 6 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err et M. Ben Fayot;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*S'est abstenu: M. Jean Colombera.*

Den Artikel 1 ass an där Form ugeholl, wéi e vun der Kommissioun virgeluegt gouf.

D'Artikelen 2 bis 4 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 5 ass gelies.

***Amendement 5***

Zum Artikel 5 hu mir en Amendement vum Här Di Bartolomeo virleien.

Mir stëmmen dann elo of iwwert den Amendement vum Här Mars Di Bartolomeo, deen ech lech net brauch virzeliesen, well Dir hutt en alleguer schréftlech virleien. En ass explizéiert ginn, de Minister huet dozou Stellung geholl, sou dass mir direkt iwwert den Amendement 5 zum Artikel 5 vum Här Mars Di Bartolomeo kënnen ofstëmmen.

***Vote***

Déi fir den Amendement 5 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

***(Interruptions)***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur.*- Eis Leit si bei der Basis.

***(Hilarité)***

**M. le Président**.- Den Amendement 5 ass ofgelehnt mat 47 Nee-Stëmmen a 5 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: M. Jean Asselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err et M. Ben Fayot.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Marco Schroell), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

Den Artikel 5 ass an där Teneur ugeholl esou wéi vun der Kommissioun proposéiert.

D'Artikele 6 bis 11 si gelies an ugeholl.

***Amendement 6***

Zum Artikel 12 hu mir en Amendement vum Här Mars Di Bartolomeo. Den Amendement 6 erkläert ginn an den Här Minister huet Stellung dozou geholl, sou dass mir direkt kënnen zum Vote vum Amendement zum Artikel 12 iwwergoen.

***Vote***

Déi fir den Amendement sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

Den Amendement 6 ass verworf mat 34 Nee-Stëmmen an 19 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err et M. Ben Fayot;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: M. Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err et M. Ben Fayot;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Jean Huss.*

***Amendement 8***

Zum Artikel 18 hu mir en Amendement vum Här Henckes. Den Amendement läit Iech schréftlech vir. En ass explizéiert ginn an de Minister huet Stellung dozou geholl.

Den Här Ben Fayot freet d'Wuert.

**M. Ben Fayot** *(LSAP).*- Här President, ech wollt d'Abstentioun vun eiser Fraktioun zu deem Amendement kuerz erklären.

Mir hunn d'Explikatioune vum Här Minister gehéiert. Mir sinn awer der Meenung - a mir wëssen, wat an der Vergaangenheet war -, dass e Gesetzesartikel a sech schlësseg muss sinn. De Sënn muss kloer sinn. Onser Meenung no gëtt den Text dat net erëm, wat den Här Minister wollt, duerfir kënne mir dësen Amendement zum Deel mat droen. Mir fannen awer - étant donné d'Vergaangenheet vun deem Ganzen-, dass eng aner Formulatioun hätt misste gesicht ginn. Mir kënnen awer net mat deem Amendement honnertprozenteg d'accord sinn, och no deenen Explikatiounen, déi den Här Henckes hei ginn huet.

Den Artikel 18 ass gelies.

**M. le Président**.- Mir stëmmen elo of iwwert den Amendement 8 vum Här Henckes zum Artikel 18.

***Vote***

Déi fir den Amendement 8 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

Den Amendement 8 vum Här Henckes ass verworf mat 35 Nee-Stëmmen, 7 Jo-Stëmmen an 9 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err et M. Ben Fayot;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Jean Huss.*

Domat ass den Artikel 18 ugeholl an där Fassung wéi e vun der Kommissioun virgeschloe ginn ass.

D'Artikelen 19 bis 20 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 21 ass gelies.

***Amendement 7***

Zum Artikel 21 kënnt den Amendement 7, dee vum Här Mars Di Bartolomeo abruecht ginn ass. Deen Amendement ass explizéiert ginn an de Minister huet dozou Stellung geholl. Mir kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

***Vote***

Déi dofir fir den Amendement 7 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

Den Amendement ass verworf mat 33 Nee-Stëmmen an 19 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot et Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Ech hunn nach en Amendement ofginn.

**M. le Président**.- Jo, dee kënnt elo. Eent nom anert. Elo hate mir den Artikel 21 an elo komme mir zu Ärem Amendement zum Artikel 22.

Den Artikel 22 ass gelies.

***Amendement 3***

En Amendement 3 vum Här Serge Urbany zum Artikel 22 läit vir. Dir hutt e schréftlech virun Iech leien, sou dass mir direkt kënnen driwwer ofstëmmen.

***Vote***

Déi fir den Amendement 3 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

Den Amendement vum Här Urbany ass verworf mat 40 Nee-Stëmmen an 12 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot et Lucien Lux (par Mme Mady Delvaux-Stehres);*

*M. Jean Colombera;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas,*



*Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Domat ass den Artikel 22 ugeholl an där Fassung wéi e vun der Kommissioun virgeschloe ginn ass.

Dir Dammen an Dir Häre, da kéime mir elo zum Vote iwwert d'Gesetz a senger Gesamtheet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet de loi 4977 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Gesetzesprojet 4977 ass ugeholl mat 41 Jo-Stëmmen, 7 Nee-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Théo Stendebach), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo) et Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres);*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

***Motion 1***

Da kéime mer elo zu de Motiounen, fir d'éischt d'Motioun 1 vum Här Di Bartolomeo. Ech huelen un, dass Dir domat d'accord sidd, wa mer par main levée ofstëmmen, Här Di Bartolomeo?

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur.*- Wann Dir dofir sidd, da kënne mer par main levée ofstëmmen.

***Vote***

**M. le Président**.- Mir gesinn dat elo.

***(Hilarité)***

***Vote***

Wie fir d'Motioun 1 vum Här Di Bartolomeo ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

Wien enthält sech?

Et besteet keen Zweifel, d'Mehrheet ass dogéint. D'Motioun 1 ass ofgelehnt.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur* .- Et ass eng liicht Majoritéit.

***Motion 2***

**M. le Président**.- Da komme mer zur Motioun 2 vum Här Robert Garcia, deen e Vote éléctronique verlaangt.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 2 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun 2 ass verworf mat 34 Nee-Stëmmen, 12 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo) et Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

***Résolution 1***

Da komme mer zu de Resolutiounen. Déi éischt Resolutioun ass vum Här Di Bartolomeo abruecht ginn. Mir stëmmen of iwwert d'Resolutioun 1.




**www.avenir-europe.lu**

*de Lëtzebuerger Site iwwert den EU-Konvent*

***Vote***

Wie fir déi Resolutioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur* .- Här President, bei där doter Resolutioun wär ech frou, wann et zu engem Vote électronique géif kommen.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Da gesäit een awer um Vote, datt net méi vill Sozialisten hei sinn. Dat ass de Problem.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, ech wëll lech soen, datt d'Procuratioun net ëmmer kënnt. Mir haten elo schonn zweemol d'Procuratioun iwwerhaapt net.

**M. le Président**.- Oh!

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Dat ass d'sozialistesch Fraktioun no den nächste Wahlen.

***(Hilarité)***

**M. le Président**.- Et war awer ni en Zweifel iwwert d'Mehrheet, esou dass et net esou schlëmm ass.

***(Interruption)***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur* .- Fir d'Mënscherecht wäerts Du jo awer stëmmen.

**M. le Président**.- Mir stëmmen elo of iwwert d'Resolutioun 1 vum Här Mars Di Bartolomeo.

***Vote***

Déi fir d'Resolutioun 1 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Resolutioun vum Här Di Bartolomeo ass verworf mat 34 Nee-Stëmmen an 19 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Jean-Paul Rippinger), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

***Résolution 2***

Da kéime mir elo zur Resolutioun 2 vum Här Henckes.

***Vote***

Déi fir d'Resolutioun 2 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Resolutioun 2 ass verworf mat 35 Nee-Stëmmen, 7 Jo-Stëmmen an 9 Abstentiounen.

D'Objektiv vun esou enger Campagne d'information ass natierlech ganz kloer: Fir d'Leit besser ze informéieren iwwert de Processus d'élargissement, a fir ganz einfach ons besser kennen ze léieren. Mir, déi zéng Länner, déi prévisionnellement sollen nei bäikommen, mee ëmgekéiert och, well och an deene Länner ass nach e ganz grousse Besoin un Informatiounen.

Ech sinn d'ailleurs frou festzestellen, datt, ofgesinn elo vun dëser Campagne d'information, wann een den Eurobarometer kuckt, da si mir nach ëmmer bei deene Länner, wou d'Zoustëmmung déi Gréisst ass, a wou d'Leit och virun allem awer fannen, datt se relativ gutt informéiert sinn, mee mir wëllen dat eben nach besser maachen.

Wat ass virgesinn? Ech mengen, dat ass jo eng konkret Fro. Et si Cycles de reportage virgesinn iwwert déi verschidde Kandidatelänner. Dat Ganzt soll duerch e groussen Débat, Stil Impakt, Impuls oder Forum, ofgeschloss ginn, wou natierlech och déi verschidde politesch Kräfte solle vertruede sinn.

Fir dat ze organiséieren, si Reesen an déi verschidde Länner virgesinn, Visite vu Gruppe vu Journalisten an déi verschidde Kandidatelänner an natierlech och eng ganz Rei aner Aktivitéiten, an nach en Argumentaire, wou versicht gëtt Land pro Land, souwuel déi positiv, wéi awer och nach déi vläicht méi quokeleg Froen opzelëschten, fir dass d'Leit e komplett Bild vun der Situatioun hunn.

Wat ass virgesinn um Niveau vum Geld? Och dat maache mer zesummen, well zum Beispill déi Reese solle bezuelt ginn. D'Halschent vun der Kommissioun, vun der Représentation permanente hei zu Lëtzebuerg, an déi aner Halschent vun der Lëtzebuerger Regierung.

Et sinn 10.000 Euro virgesinn, fir en Argumentaire, deen amgaang ass ausgeschafft ze ginn tëschent der Kommissioun an der Direction II, well mir hunn eis geduecht, dass et kee Wäert huet alles dräi- oder véiermol iwwert deeselwechte Sujet ze maachen. A vu datt an der Kommissioun sech e ganze Service dorëm këmmert, maache mer dat zesummen, d'Direction II vun den Affaires étrangères mat der Kommissioun. Dat erlaabt eis natierlech d'Fräe vun esou engem Argumentaire méi kleng ze halen.

Fir d'Organisatioun vu Voyages de presse an déi verschidde Kandidatelänner sinn 100.000 Euro virgesinn. Déi éischt sollen am Januar 2003 stattfannen, an et ass virgesinn, dass dat éischt Land Ungarn ass, dann d'tschechesch Republik, d'Slowakei, duerno d'Pays baltes an da Polen a Slowenien. Zypern a Malta sollen déi lescht an der Rei sinn.

Et sinn eng gutt Dose Journalisten, déi wahrscheinlech wäerten dobai sinn, a wou mer wäerte versichen, esou objektiv wéi méiglech, Informatiounen ze gi sur place, an der Hoffnung natierlech, datt och Informatioune vun do no hei matbruecht ginn. Mir bréngen der dohinner an ëmgekéiert och.

Mir hunn och virgesinn, datt d'Journalisten aus deene Länner sollen heihinner kënne kommen, fir datt mir hinnen och eis Realitéite kënne weisen. Eng éischt Visite d'ailleurs an deem Kader an iwwert dee Budget bezuelt war elo schonn am September, wou mer tschechesch Journalisten heihinner invitéiert haten, natierlech och an der Preparatioun vun der Statsvisite, déi mer uganks Oktober haten a wou mer dovu profitéiert hunn, hinnen eist Land an eis Realitéiten ze weisen.

Mir encouragéieren och eng Rei ONGen, déi Echangë mat deene Länner hunn, an et ass och e Poste virgesi fir Dossiers thématiques, wann am Laf vun den Diskussiounen deen een oder deen aneren Dossier sollt nach méi prezis beliicht ginn.

Voilà, dat sinn déi Moossnamen an déi Aktiounen, déi mer an deene kommende Méint zesumme mat der Kommissioun virgesinn hunn.

**M. le Président**.- Mir kommen elo zur Fro 243 vum Här Marcel Glesener un d'Ausseministesch iwwert den iresche Referendum fir d'Ratifikatioun vum Ofkommes vun Nice.

Den Här Glesener huet d'Wuert.

**- Question 243 de M. Marcel Glesener relative au second référendum irlandais pour la ratification du Traité de Nice**

**M. Marcel Glesener** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e Sonndeg stëmmen d'Ire fir d'zweet iwwert den Traité vun Nice of. Nodeems beim éischte Referendum ronn 55% vun de Leit, déi dorunner Deel geholl haten, mat Nee gestëmmt hunn, weisen elo déi aktuell iresch Sondagen kee besseren Trend aus.

Liicht iwwer 40% vun de Wieler an Irland wëllen deemno dem Vertrag zoustëmmen, knapp 30% wëlle beim Nee bleiwen an ëm 30% vun de Wieler hu sech nach net décidéiert. Et kann een also dovun ausgoen, datt den Ausgank vun dësem Referendum ganz ongewëss ass.

Dofir wëll ech eng Rei vu Froe stellen. Ech wëllt vun der Mme Ausseminister wëssen, wéi eng Positioun d'Lëtzebuerger Regierung zu dräi wichtege Froen anhëlt.

1. Fir d'éischt gëtt et eng juristesch a politesch Debatt driwwer, ob de Vertrag vun Nice a Kraaft kann trieden, wann ee Memberstat vun der Unioun en net ratifizéiert an ob en eventuell da just Gültegkeet hätt an deene Länner, déi e ratifizéiert hunn?

2. Da stellt sech hannendrun och d'Fro, wéi eng Unioun soll fonctionnéieren, där hir Institutioune Vertrieder aus alle Memberstaten ëmfaassen, wann ee vun deene Memberstaten dee leschte Vertrag, deen d'Institutiounen definéiert, net ugeholl huet? Dat géif jo praktesch heeschen, datt Irland zum Beispill ni säin Accord zu der neier Stëmmgewiichtung am Ministerrot an an der Sëtzverdeelung am Parlament kënnt ginn.

3. Schlussendlech stellt sech dann d'Fro nom Succès vum Kopenhagener Sommet an der Méiglechkeet vun der Erweiderung vun der Unioun, well déi op den Traité vun Nice ugewisen ass. Ëmmerhin ass et dësen Text, deen den Zouschnëtt vun den Institutiounen a vun der erweiderter Unioun festleet.

Ech wier frou, Mme Ausseminister, wann ech op dës Froe kënnt eng Äntwert kréien.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet d'Ausseministesch, d'Mme Lydie Polfer.

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Här President, et ass gewëss, dass den iresche Referendum vum 19. Oktober e wichtege Moment fir Europa wäert sinn. Am Moment sinn d'-Sondagen an Irland relativ positiv. Dat kann natierlech ëmmer nees änneren, mee de Moment ass et 44% Jo, 27% allerdéngs d'indécis an 22% dergéint. Dat géing drop schléisse loossen, datt ee kënnt hoffen, datt de Vote vun deem Referendum positiv wier, wat mer natierlech alleguer hoffen.

D'Regierung huet sech dës Kéier ganz staark engagéiert an d'Preparatioun vun deem Referendum, well se sech bewosst ass, wat déi ganz déif Implikatioune vum Resultat vun deem Referendum, souwuel fir Irland, wéi fir d'Europäesch Unioun a fir den Elargissement kënnten eventuell hunn. Wann et éiere géing negativ ausgoen, da kann den Traité vun Nice op alle Fall net esou a Kraaft trieden, wéi dat de Moment virgesinn ass. Ech mengen, dat schéngt evident, an da missten op deem nächste Conseil zu Bréissel déi 15 doriwwer diskutéieren.

An et ass grad esou kloer, datt en negative Vote Konsequenzen op den Elargissement, op de gudden Déroulement vum Elargissement kënnt hunn. Mir hoffen dat net, an ech kann nëmme soen, datt den iresche Premier selwer op déi ganz déifgräifend Implikatioune vun engem negative Vote higewisen huet. Dofir, fir näischt onnéideg ze belaaschten an engem ganz sensibelen Dossier, wëllt ech et de Moment bei dëse Remarque beloossen a menger Hoffnung nach eng Kéier Ausdrock ginn, datt de Vote positiv ausgeet.

Merci.

**M. le Président**.- Mir kommen elo zur leschter Fro, der Fro 244 vum Här Mars Di Bartolomeo un d'Familljeministesch an d'Erzéiungsministesch, iwwert d'-Structures d'accueil fir Hausaufgaben. D'Wuert huet den Här Mars Di Bartolomeo.

**- Question 244 de M. Mars Di Bartolomeo concernant le changement des compétences au niveau des Ministères de la Famille et de l'Education nationale des structures d'accueil et plus particulièrement en relation avec les devoirs à domicile**

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et war eigentlech eng Fro, déi sech un d'Mme Brasseur als Educatiounsministesch geriicht huet, mee selbstverständlech freeën ech mech och op d'Äntwert vun der Familljeministesch, well et e Beräich ass, dee si sech sollten deelen, mee wou een awer elo feststellt, dass net méi gedeelt gëtt, mee dass d'Kompetenze ganz un d'Mme Familljeminister falen.

Ech mengen, ech maache keen Heel draus, dass eis Fraktioun der Meenung ass, dass all Kand, dat se brauch, e Recht soll op Betreiungsstrukture ronderëm d'Primäran d'Spillschoul kréien, onofhängeg vun der geographescher Lag vun deenen eenzelne Gemengen, an och onofhängeg vun hirer Finanzkapassitéit.

Mir maache weider keen Heel draus, dass mer fir d'Ganzdaagsschoul plädéieren, wou esou Strukture kënnen agebaut ginn, a mir sinn och kloer der Meenung gewiescht, dass Betreiungsstrukture ronderëm d'Schoul an e kohärent Konzept gehéieren, dat mir am léifsten un den Educatiounsministère ugegliddert gehat hätten.

D'Regierung huet eng aner Décisioun geholl. Si huet décidéiert, dass de Gros vun deenen Opfaangstrukture sollen an de Kompetenzberäich vun der Familje goen. Et war awer net ganz kloer, u wien eng Rei vun Aktivitéite géingen ugegliddert ginn, déi bis elo ganz kloer am Kompetenzberäich vun der Education nationale waren, an ech mengen domat ënner anerem d'Hausaufgabenhëllef.

Elo hu mer awer am August, wéi d'Gemengen eng Circulaire vum Ministère de l'Intérieur kritt hunn, déi och ënnerzeechent war vun der Familljeministesch, déi eis gesot huet, alleguer d'Betreiungsstrukturen, och d'Hausaufgabenhëllef, falen ënnert de Kompetenzberäich vum Familljeministère, souwuel wat den Agrément, wéi d'Subsidiatioun, d'Konventiounen an de Rescht ugeet.

Bon, et kann een elo soen, dass bei de Kantinen e klore Konzept vun dem Familljeministère virläit, deen de Gemengen eng ganz seriö Hëllef ass. Dat Konzept läit awer net bei der Hausaufgabenhëllef vir, an do muss ee soen, dass an enger ganzer Rei vu Gemengen eng ganz Rei vu Forme vun där Hausaufgabenhëllef besteet, ënner anerem iwwer A.s.b.len, och an de Structures d'accueil, de Schoulgebaier, de Klassesäll, mat qualifizéiertem Personal, brevetéiertem Personal, oder mat Educateuren an Educatricen, esou dass mir eis froen, wéi ass et dann an deem Beräich mat engem Konzept?

U wie sollen d'Gemenge sech richten? Wat fir eng Konditioune kréie se gesat? Kréie se ähnlech Konditioune gesat wéi bei de Structures d'accueil, vu dass et eng ganz Rei vu Qualifikatioune sinn, déi eralafen, vu Schoulmeeschtere bis manner Qualifizéierter?

Wéi ass d'Subventionéierung vu deem dote Beräich? Wéi ass d'Participatioun vun den Elteren? Mussen d'Eltere bei der Hausaufgabenhëllef och deen Drëttel Beitrag leeschten?

Dat ass eng Rei vu Froen un d'Educatiounsministesch.

Schlussendlech an enger Rei vu Gemengen, Mme Minister, gëtt et och nach esou eppes wéi den Zilenz, dee ganz kloer zu der Schoul gehéiert. Ech ka mer net virstellen, dass eppes wéi den Zilenz an den Aufgabeberäich vu der Familje géif falen. Dofir wier ech Iech ganz dankbar, wann Der eis géift driwwer opklären, wéi mer eis dann elo sollen uleeën a wat fir eng Form vun Hausaufgabenhëllef an Zukunft déi richteg ass.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo d'Familljeministesch, d'Mme Marie-Josée Jacobs.

**Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Här President, ech sinn eigentlech dankbar, datt den Här Di Bartolomeo déi Fro gestallt huet. Wann esou vill Duercherneen an de Käpp dorëmmer ass, dann ass et jo gutt wann een...

***(Interruptions)***

Net? Ech si fest dovun iwwerzeegt, well et kann iwwerhaapt keng aner sinn.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Dir gesitt dat ganz richteg!

**Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Fir deen Duercherneen dann e bëssen hëllefen opzeklären, géing ech nach eng Kéier soen, datt mer zesumme mat der Educatiounsministesch, déi de Mëtteg net kann hei sinn, ofgemaach haten, datt de Familljeministère zoustänneg ass fir alles dat, wat dat Paraschoulescht ass, fir et emol esou auszedrécken, an dat, wat d'Schoulaufgabe sinn, ënnert der Kompetenz vun der Education nationale ass.

An dann hu mir, wéi mir dat zu Lëtzebuerg ëmmer erëm feststellen, jo Situatiounen, déi esou gewuess sinn, wou een eigentlech net richteg weess, wéisou ass dat esou a wéisou ass dat net esou.

Dir hutt zum Schluss mat Recht op deen Zilenz higewisen. Dat gëtt et an enger Partie Gemengen, a vill anere gëtt et dat net, an do soen och d'Buergermeeschteren engem, dass se et ganz schwéier hätten, fir Schoulmeeschteren a Léierinnen ze fannen, déi wëllten deen Zilenz halen. Et kann een déi Leit och net forcéieren, esou datt mer gesot hunn, do wou den Zilenz besteet, ass et kloer, datt dat och an de Kompetenze bleift vum Educatiounsministère, well et jo méi liicht ass, wann déi Leit viru bezuelt ginn, an herno dat verrechent gëtt iwwert hir Paien, wéi wa mir elo erëm géingen ufänken doran dokteren ze goen.

Ech denken also, datt mer an deem Sënn am Fong eng pragmatesch Approche do gewielt hunn. Wéi gesot, mir sinn net op dee Wee gaangen, an dat bleift och esou, mee datt mer awer op där anerer Säit, wat aner Structures d'accueil sinn, an deenen d'Hausaufgabe gemaach ginn, och déiselwecht Konditiounen zielen, wéi déi 30%, déi musse bezuelt gi vun den Elteren, jee no hirem Akommes, esou wéi dat bei eis eigentlech an alle Fäll ass, wou Kanner hikommen a wou mer och aner Hëllefleeschtungen ubidden.

Mir hu bis elo net deen ausgefeilte Kader, wann Der wëllt, wéi dee bei de Kantinen, deen och eenzelne Leit, mengen ech, éischter zevill wäit geet, wéi en net wäit genuch geet. Ech denken awer, dass ee selbstverständlech muss, wat d'Hausaufgabenhëllef ubelaangt, mat qualifizéiertem Personal fueren. Do geet et net duer, wann ee gutt intentionéiert ass, mee do brauch ee wierklech Leit, déi amstand si mat de Kanner déi Hausaufgaben ze maachen. Mir hunn awer festgestallt, dass eng ganz Partie vu Gemenge mat op dee Wee ginn, wat d'Structures d'accueil ubelaangt.

Dir hutt zu Recht gesot, dass dës Regierung net op de Wee vun enger Ganzdaagsschoul geet. Et muss ee sech och do iwwerleeën, wéi wäit dass dat den Elteren ëmmer Rechnung dréit. Ech weess net, wéi de Problem an der Ganzdaagsschoul geregelt géif gi mat deene 16 Woche Vakanz, déi awer am Joer an der Schoul bestinn. Dat si Froen, déi opstoe bleiwen.

Ech wëll och soen, dass ech de Moien eng Question parlementaire vum honorabelen Här Calmes kritt hunn, deen och freet iwwert d'Structures d'accueil an a wéi enge Gemengen där bestinn. Mer wäerten, wa mer emol eng Kéier besser Zäit hunn, am Detail schréftlech dorobber äntwerten.

Wéi gesot, wat den Zilenz ugeet a wat u Schoulmeeschteren a Léierinne bezuelt gëtt, ass d'Education nationale zoustänneg. Alles dat wat vun anere Leit gemaach gëtt, an och net an der Schoul stattfënnt, dat ass d'Famille. Mir hunn en Aarbechtsgrupp agesat, well mer gemierkt hunn, datt et ganz fläisseg Buergermeeschtere gëtt, déi op zwou Plazen d'Rechnung geschéckt hunn, fir déiselwecht Aufgaben, a vu datt mer se net zweemol wëlle bezuelen - ech wëll lech elo hei net op schlecht Gedanke bréngen, Här Di Bartolomeo -...

***(Interruption)***

...hu mer en Aarbechtsgrupp agesat, fir dat och richteg gekläert ze kréien.

Merci villmools.

**M. le Président**.- Domadder wier d'Froestonn ofgeschloss, a mir kéimen zur Drénglechkeetsfro 1850 vum Här Ben Fayot iwwert d'Base légale fir d'Schafung vun enger Finanzschoul.

D'Mme Erna Hennicot-Schoepges, Héichschoulministesch, huet sech bereet erkläert, haut de Mëtteg op dës Fro ze äntwerten.

Den Här Fayot huet fënnef Minutten Zäit fir seng Fro virzedroen, an d'Mme Minister zéng Minutte fir ze äntwerten.

Den Här Ben Fayot huet d'Wuert.

## 5. Question urgente 1850 de M. Ben Fayot relative à la base légale pour la création de la "School of Finance"

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, déi Fro stammt vum 8. Oktober, nodeem dass de 7. Oktober d'Autoritéite vun onsem Land, mam Chef d'Etat virop, de Lancement vun der Luxembourg School of Finance gemaach hunn. Déi Luxembourg School of Finance schreift sech an an de Kontext vun der Uni Lëtzebuerg. Wann een zum Beispill déi Plaquette kuckt, déi d'Schoul presentéiert, do steet: Luxembourg School of Finance of the University of Luxembourg. An et gëtt och doranner gesot, dass d'Luxembourg School of Finance, the departement of banking and finances of the University of Luxembourg ass.

Mir wëssen op där anerer Säit, dass iwwert d'Universitéit Lëtzebuerg eng Partie Deklaratiounen an der Vergaangenheet gemaach gi si vun der Mme Héichschoulminister, wouno dass déi Universitéit soll dräi Fakultéiten hunn: eng Fakultéit vun Droit, eng vun de Sciences économiques, an dann eng iwwer Gestion et Finances.

Et ass also erstaunlech, wann elo op där enger Säit en neit Institut gemaach gëtt, wat eigentlech déi Aktivitéite soll iwwerhuelen, an op där anerer Säit an der Uni Lëtzebuerg eng Fakultéit virgesinn ass, fir déiselwecht Saachen.

D'Fro stellt sech och, ob déi Luxembourg School of Finance en öffentlecht Statut kritt, well ee weess, dass d'Inscriptiounsrechter fir déi Schoul 17 500 Euro d'Joer sinn, wat jo net näischt ass. Schliesslech soll och op der Luxembourg School of Finance Recherche gemaach ginn, wou sech dann erëm d'Fro stellt, wien déi Recherche mécht, ob dat Professeren, Chercheuren aus der Uni sinn, oder ob et der aus dem private Secteur sinn.

All déi Froen, déi do optauchen, hu mech dozou bruecht, fir der Mme Minister eng Partie Froen ze stellen.

1. Fir d'éischt emol déi Fro, déi mer am Wichtegste schéngt, wat d'Base légale ass, fir elo direkt dës School of Finance ze lancéieren, wann ee weess, dass schonn e Professeur-coordinateur vun där School of Finance an Aktivitéit ass, a jo ganz bestëmmt, wa se soll am Januar ufänken, déi Sommitéiten aus dem Monde académique net eréischt am Dezember, oder ech weess net wéini, kënnen agestallt ginn, dass also do héchstwahrscheinlech scho Kontrakter ofgeschloss gi sinn.

2. Etant donné, dass déi School of Finance jo en Element vun der Uni Lëtzebuerg soll sinn, hu mer ons och an der zoustänneger Chamberskommissioun d'Fro gestallt, wéini d'Regierung d'Chamber mat engem Projet iwwert d'Uni Lëtzebuerg saiséiere wëllt? Et schéngt, wéi wann en Avant-projet géif dorëmmer schwiewen. Op jidde Fall déi Leit, déi an der Kommissioun sech dorëm bekëmmeren, hunn nach näischt dovunner gesinn.

3. Wéini kënnt dee Projet? Ech hunn och mat Erstaune gemierkt, dass an der Lëscht vun der Regierung, déi vum Statsminister gëschter bekannt ginn ass, kee Projet vun der Uni Lëtzebuerg dran enthalen ass.

Ech wollt och froen, ob et da wierklech d'Absiicht vun der Regierung ass, fir e Projet iwwert d'Uni Lëtzebuerg, wéi ech et a mengem Bréif soen, à la va-vite évacuéieren ze loossen, well mir menge schonn, dass dat e wesentleche Projet ass fir d'Zukunft vun onsem Land, an dass een d'Chamber och misst an déi Débaten, déi vläicht elo amgaange sinn iwwert d'Orientatioune vun där Uni Lëtzebuerg, implizéieren. Mir hate jo och an der Kommissioun am Februar gefrot, dass mer kënnte mat den Expäre schwätzen, déi d'Regierung beroden, fir dee Projet Uni Lëtzebuerg opzebauen.

4. Meng Fro un d'Mme Minister, ob mer eventuell d'Chance kréien, fir eng Kéier mat deenen Expären ze diskutéieren?

Dat gesot, kann een natierlech eng School of Finance am Intérêt vum Standuert Lëtzebuerg begréissen, mee ech mengen, am Intérêt vu Kohärenz mat deem, wat mer amgaange sinn ze maachen am Héichschoulwiesen, wär et wichteg, dass ee wéisst, wéi dat sech géif doranner aschreiwen, an dass een och sécher wär, dass dat eben deen Niveau de qualité kritt, dee mer jo bei der Uni Lëtzebuerg wëllen erreechen, esouwuel an der Fuerschung wéi am Enseignement.

Dat sinn déi Froen, Här President, déi ech der Mme Minister wollt esou dréngend wéi méiglech stellen.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo Héichschoulministesch, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges,** *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Här President, ech soen dem Här Fayot merci fir seng Fro. Ech hätt ëm och de leschten Donneschdeg kënnen drop äntwerten. Et ass awer aus Termingrënn vun der Chamber hirem Programm net esou gutt gaangen. Dofir haut meng Äntwerten op seng Froen.

Fir alleréischt: D'Luxembourg School of Finance ass net en eegent Institut, mee et ass eng Filière d'enseignement, déi als Base légale d'Gesetz vum 11. August 1996 huet an déi sech an de Kader vun deem, wat den aktuelle Strukture vum Centre Universitaire entsprécht, afügt. Déi Programmer sinn de 27. September vun dësem Joer vum Conseil d'administration vum Centre Universitaire guttgeheescht ginn an e Règlement grand-ducal, op der Basis vum Artikel 27 (3) vum Gesetz vum 11. August 1996, misst d'Diplomer reglementéieren. Deen Numm ass aus Marketingsgrënn esou formuléiert ginn. Dat heescht also net, datt hei en Institut en dehors vun deem Bestehende geschafe gëtt.

Ech sinn awer och dem Här Fayot dankbar, datt en d'Fro opwerft, wéi et mat dem Projet Uni Lëtzebuerg ass. Mir wëssen, datt de Projet vun der Uni Lëtzebuerg am Juli eng Kéier um Ordre du jour vum Conseil de Gouvernement war. E war och de leschte Méindeg um Ordre du jour vum Conseil de Gouvernement, also gëschter. Mir wäerten an enger Sitzung, de 4. November, nach verschidde Problemer klären, fir datt ech dann endlech de Projet kann déposéieren. Gleeft mer ës, ech brennen drop, fir e kënnen ze déposéieren a fir kënne mat den eigentlechen Aarbechten unzefänken.

Et ass selbstverständlech, datt mer bereet sinn d'Kommissioun vun der Chamber ze informéieren. Mir haten ugesat, fir eng Sitzung am Juli nach ze programméiere mat den Expäre vun der Regierung. Déi Sitzung ass awer elo op den 18. November fixéiert ginn, esou datt d'Chamberskommissioun da Geleeënheet kritt mat deenen Expären, déi d'Regierung bei der Ausaarbechtung vun dësem wichtege Projet fir eist d'Land begleeden, e Gedankenaustausch ze hunn.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Däerf ech d'Mme Ministesch nach eppes froen, Här President?

***(Assentiment)***

Ech hat am September schonn eng Questioun urgente gestallt, déi deeselwechten Themekomplex hat, wéi déi vum Här Fayot. Déi ass net als urgent unerkannt ginn. Ech mengen och net, dass déi Äntwert, déi mer elo kritt hunn, ganz detailléiert ass. Ech halen op jidde Fall op eng schréftlech Äntwert op déi Ufro, déi ech der Regierung gemaach hunn.

**M. le Président**.- Är Fro ass op deen normale Wee gaangen. Si war e bëssen aneschtes verfaasst. Dir kritt eng normal Äntwert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Ech waarden op eng schréftlech Äntwert.

## 6. Nomination d'un réviseur d'entreprises pour l'Entreprise des Postes et Télécommunications

**M. le Président**.- Mir fueren elo weider mat eisem Ordre du jour a kommen zur Nominatioun vun engem Réviseur d'entreprises fir d'Post, esou wéi den Artikel 22 (3) vum Gesetz vum 10. August 1992 iwwert Schafung vun der Entreprise des Postes et Télécommunications et virgesäit.

Folgend Kandidature stinn zur Wahl:

D'Firma Andersen,

d'Firma Deloitte & Touche,

d'Firma KPMG an

d'Firma PricewaterhouseCoopers.

Dës Kandidatelëscht gëtt elo gläich un all Deputéierte verdeelt.

Wat d'Prozedur ubelaangt, erfollegt d'Nominatioun vum Réviseur d'entreprises fir d'Post duerch eng absolut Majoritéit. Déi ongülteg a blank Stëmmziedelen zielen net. Am drëtten Tour huelen nëmmen déi zwee Kandidaten deel, déi am Tour virdrun déi meeschte Stëmme kritt hunn. Bei Stëmmegläichheet kënnt et zu engem zousätzlechen Tour. Op engem gültegen Ziedel mam Stempel vun der Chamber däerf nëmmen een Numm ugehaakt ginn. D'Stëmmziedele ginn agesammelt duerch Appel nominal.

Ech wëll eng Erklärung ginn. D'Firma Andersen ass nach derbäi, mä si hunn en aneren Numm entretemps. Mir hunn deen Numm dropgesat, dee mer sengerzäit matgedeelt kritt hunn.

Wa jiddfereen e Stëmmziedel huet an deen och ausgefëllt huet, maachen ech den Appel nominal a jiddereen ass gebiede säin Ziedel an d'Urn ze geheien.

***Appel nominal***

D'Sitzung ass fir ee Moment ënnerbrach.

***(Interruption de séance)***

D'Sitzung geet virun.

D'Resultat ass folgendermoossen ausgefall:

Et war en Total vu 40 Stëmmziedelen an dovun ee blanke Stëmmziedel.

1 Stëmm war fir d'KPMG.

38 Stëmme ware fir PricewaterhouseCoopers. Si sinn domat Réviseur d'entreprises vun der Post fir d'Joren 2002, 2003 an 2004.

An da komme mir zum nächste Punkt. Fir haut de Mëtten huet d'sozialistesch Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwer de Sommet vu Johannesburg ugefrot. D'Riedezäit ass am Artikel 78 vum Chambersreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktioune jeeweils fënnef Minutten, der Sensibilité politique zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Schank, Calmes, Mehlen, Garcia an Urbany. D'Wuert huet elo den Här Alex Bodry als Vertrieder vun der sozialistescher Fraktioun.

## 7. Heure d'actualité demandée par le groupe socialiste sur les conclusions du Sommet de Johannesburg

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Här President, d'UNO-Weltkonferenz iwwer Ëmwelt an Entwécklung vu Johannesburg huet dat gehalen, wat se eigentlech am Virfeld versprach huet: eng massiv Präsenz. Iwwer 190 Länner si vertratt, iwwer 100 Stats- a Regierungschefen, op där UNO-Konferenz vill Diskussiounen, schéin a feierlech Deklaratiounen, Absichtserklärungen a wéineg, vill ze wéineg, konkret Fortschrëtter. Dat ass keng Iwwerraschung. Dat war eigentlech virun der Konferenz scho gewosst, wann een d'Texter gekuckt huet a wann ee weess, wat op enger Konferenz nach wierklech un den Texter ka geännert ginn, an där Aart a Weis wéi déi Konferenz virbereet ginn ass. An och wa scheinbar kleng Fortschrëtter erzielt gi sinn, wéi zum Beispill a puncto Reduktioun vun der Aarmut, Zougang zum Waasser, Waasserknappheet, bleiwen awer déi méi konkret Ziler, wéi politesch Absichtserklärungen, ouni juristeschen Effet an ouni direkt Konsequenzen.

Den Élan vu Rio ass net erneiert ginn duerch déi heite Konferenz. Vill Leit, vill Kreesser si scho frou, wann den Acquis vu Rio konnt 10 Joer méi spéit iwwerhaapt gehale ginn. An och muss ech soen, dass vu reng Lëtzebuerger Siicht de Bilan vun där Konferenz net schrecklech erbaulech ass, wann een emol vun de Presseberichter am Virfeld a während der Konferenz ofgesäit, wou probéiert ginn ass, och vun der Lëtzebuerger Press, dat Thema vun der Nohaltegkeet der Lëtzebuerger öffentlecher Meenung méi no ze bréngen.

Wat vill Leit aus Lëtzebuerger Siicht vun där Konferenz wäerte verhalen, dat ass dat parteipolitescht Geplänkels tëschent dem Statssekretär am Ëmweltministère an engem gréngen Europadeputéierten. Deen een huet behaapt, d'Regierung hätt a puncto erneierbar Energien et un Energie mangele gelooss an der Endphas. An deen aneren huet reagéiert an Ableck ginn iwwert déi Aart a Weis, wéi d'Membere vun der Lëtzebuerger Delegatioun sech vun de Strapaze vun de Konferenz dohannen erholl hunn.

Dat ass Niewegeplänkels an deem Ganzen. Mee wann ee kuckt wat schlussendlech vu Lëtzebuerger Säit aus iwwreg bliwwen ass, och an der Berichterstattung vun där Konferenz, besonnesch an deenen éischten Deeg no der Konferenz, da bleift haaptsächlech dat doten hänken. Ech ka mer a puncto Kommunikatiounsstrategie do méi effikass Saache virstellen.

Loosse mer net zréckkucken, et geet och net, fir op d'Konferenz selwer zréckzekommen, mee wat elo, mengen ech, gëllt, dat ass, wéi mer hei zu Lëtzebuerg kënne virukommen, wéi mir eigentlech dat Bescht aus där Konferenz maachen a wéi mir eis hei zu Lëtzebuerg ustellen, fir d'Gedanke vun enger nohalteger Entwécklung virunzebréngen. Och no där Diskussioun, déi mir hei am Parlament am Juli dëst Joer haten am Virfeld vun deem Sommet vu Johannesburg. Et geet drëm, dass mer d'Iddi vun der nohalteger Entwécklung als Konzept, als politesch Zilsetzung, awer och als Prozess duerchsetzen. Mee et geet awer och drëm, dass mir et fäerdeg bréngen, um Terrain konkret ze weisen, duerch Initiativen, Programmer a Projeten, déi vum Stat, vun de Gemengen, vu private Partner geholl ginn - firwat net gemeinsam mat den öffentlechen Träger -, dass ee kann eppes bewegen um Terrain, wann ee wëllt, a puncto Nohaltegkeet an all deene spezifesche Secteuren, déi domatter zesummenhänken.

Am Juli hate mir dës Debatt hei an der Chamber iwwert den nationale Plang fir nohalteg Entwécklung vun 1999. Et war virgesinn an deem Plang, dass dräi Joer méi spéit, dat heescht 2002 an do si mer haut, misst eng Mise à jour gemaach gi vun deem Plang. Mir halen drop, dass déi éischt prioritär Aufgab muss sinn, fir dass een déi Mise à jour mécht, op Grond vun deenen Donnéeën, déi elo virleien, op Grond vun deenen Diskussiounen, déi mir hei gefouert hunn, an deem, wat zousätzlech zu Johannesburg vun Elementer mat erakomm ass. Dat ass déi éischt Hausaufgab, mengen ech, déi d'Regierung ze maachen huet, an engem breede Krees, wou sollt dru geduecht ginn, d'Zivilgesellschaft staark mat anzebannen, fir dass mer hei net en vase clos sou Texter a Programmer opstellen, mee dass jiddferee sech concernéiert fillt vun deem Ganzen.

Duerfir och meng Fro: Wéi ass et mat der Asetzung vun deem nationale Rot fir nohalteg Entwécklung? Ech denken, dass duerch deen Incident op der Oeko-Foire de Premierminister net d'Tribün hat, fir eis méi Informatiounen doriwwer ze ginn, wéi dat sollt weidergoen. Wéi steet et mat der Zesummesetzung, wéi steet et mat de politesche Responsabilitéiten an deem ganze Beräich Nohaltegkeet? Wéi steet et mat de Befugnisser vun esou engem nationale Comité oder engem nationale Rot fir Nohaltegkeet? Wat geschitt mat deenen Indikatoren, fir d'Nohaltegkeet ze moossen, déi mir virgestallt kritt hunn, wou entre-temps eng schéi faarweg Broschür gemaach ginn ass? Wéi geet et weider an deem dote Punkt? Wéi bréngt mer et fäerdeg, och deen Indikatoresystem sou auszebauen, dass e méi hiergëtt wéi elo, dat heescht, dass e vergläichbar gëtt mat deenen Donnéeën an anere Länner? Dass et net also nëmmen een Indikator ass fir déi Entwécklung, déi mir hei maachen, mee dass een och gesäit, wéi sech dat europäesche Kontext beweegt? Et geet also drëm, dass mir aus deem Indikatoresystem wierklech e performant Moossinstrument maache vun enger Politik am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung vum Land.

Fir d'LSAP ass et entscheedend awer och, dass mir eis net elo op Prozeduren, Strukturen a Comitéë beschränken. An eisen Diskussiounen ass wichteg, ech géif esouguer soen ausschlaggebend, dass mer et erreechen, dass an alle politeschen an administrativen Entscheedungsprozesser Elementer vun der Nohaltegkeet mat erafléissen. Dat heescht also, dass eng Biergerbedeelegung voll duerchgezu gëtt, dass mer e Recht op Informatioun a Participatioun an alle Beräicher hunn, net nëmmen am Beräich vum Ëmweltschutz. Nohaltegkeet ass eppes, wat och de wirtschaftlechen an de soziale Beräich gläichzäiteg mat abënnt. Dofir ass d'Regierung als Ganzt gefuerdert. Ech riichte mech hei net nëmmen un den Ëmweltminister oder de Statssekretär, fir do also och Neel mat Käpp ze maachen an dee Participatiounsusproch vun de Leit an d'Recht op Informatioun do och voll spillen ze loossen.

An deem Zesummenhang fanne mir et wichteg, dass och d'Konventioun vun Arhus, déi Deelaspekter vun deenen dote Froe regelt, och esou schnell wéi méiglech hei an der Chamber kann diskutéiert an och ratifizéiert ginn. Entscheedend ass et, dass mer e qualitative Sprong vun eiser Politik am Sënn vun der Nohaltegkeet kréien. An dat kënne mir nëmmen erreechen, wa mer och als Législateur hei e Schratt no vir ginn.

Als sozialistesch Fraktioun, si mer dofir, dass mir de Virsuergeprinzip, de Principe de précaution, gesetzlech verbindlech an eiser Legislatioun verankeren. Dat, wat an anere Länner vun der Jurisprudenz gemaach ginn ass, musse mir hei zu Lëtzebuerg iwwert de Gesetzestext maachen, de Virsuergeprinzip als Leitprinzip fir politesch an administrativ Entscheedunge vun der öffentlecher Hand.

Als sozialistesch Fraktioun schwätze mir eis och dofir aus, dass mer de Verursacherprinzip an engem Gesetz verankeren, deen elo eigentlech nëmmen am Deelberäich Offallwirtschaft verankert ass. Dat ass awer e Prinzip, deen an der Ëmweltpolitik essentiell ass a wou et wichteg ass, dass mer och deen iwwer europäesch Texter net opgeweecht kréien: Ech sinn e bëssen erschreckt gewiescht iwwer éischt Indikatiounen, déi ech kritt hu vun de Virschléi vun der Kommissioun, wat elo déi Fro vu Responsabilité civile am Ëmweltberäich ugeet. Do schénge mer awer deelweis vun deem dote Prinzip dach awer ofzeweichen, sou wéi d'Kommissioun sech dat elo virstellt.

Schliesslech widderhuele mir och eise Virschlag, dass, wa mer vu Verfassungsreform schwätzen, mer och d'Zil vun der nohalteger Entwécklung an eis Verfassung aschreiwen. Lëtzebuerg wär dat éischt Land, wat dat géif maachen. An och dat, mengen ech, soll net nëmmen als abstrakte Prinzip festgeschriwwen, mee soll wierklech sou ageschriwwe ginn, dass dat och e Leitbild ass, wou d'öffentlech Décisioune sech mussen dono riichten, wat also och am Endeffekt aklobar ass, wann d'öffentlech Hand sech net géif dorunner halen.

Bei all dëse Fuerderunge wäert sech also och weisen, wéi wäit d'Regierung als Ganzt a wéi d'Parlament Nohaltegkeet u sech als seriös emfënnt, an net als politesche Gadget betruecht, als Moudetrend ouni Substanz an ouni Verbindlechkeet, deen een och erëm ganz schnell kann opginn.

Et geet also och drëm, dass mer an der Fro vun der Entwécklungshëllef elo mussen oppassen, an enger Zäit, wou sech dach ofzeechent - d'Indikatiounen, déi mir de Moie kritt hu vun der Direktioun vun der Enregistrementsverwaltung, weisen dat ganz kloer -, dass déi Donnéeën, op deenen d'Regierung nach hire Budget opgestallt huet fir 2003, net méi stëmmen.

D'Regierung wäert net derlaanscht kommen, et sief si géif total nieft de Fakte wëllen de Budget an d'Welt setzen, fir de Budget ze réajustéieren, notamment wat gewëss grouss Einnahme vum Stat ugeet. Dat gëllt besonnesch fir d'TVA, wou mir dëst Joer manner anhuele wéi geplangt, a wou d'nächst Joer déi prozentual Hausse vun 8%, déi d'Regierung an hirem Budgetsprojet stoen huet, net méi haltbar ass op Grond vun deenen Aussoen, déi haut de Moien an der Finanzkommissioun gemaach gi sinn.

Et ass also wichteg, dass hei e Konsens och weiderhi besteet, dass och an Zäiten, wou et wirtschaftlech e bësse méi lues geet, net däerf um alleréischte Plang elo gekuckt ginn, fir un deenen Engagementer, déi Lëtzebuerg international geholl huet a puncto Entwécklungshëllef, rüttelen ze goen, an dass dat dote weider muss e feste Bestanddeel iwwer laang Jore vun eiser Regierungspolitik bleiwen, egal wéi d'Regierung zesummegesat ass.

De Klimaschutz ass och e kriddleche Faktor, wou mer wëssen, dass mer riskéieren, wa mer näischt ënnerhuelen, op der Plaz ze trëppelen, an dass mer déi Ziler 2010 net wäerten erreechen. Et däerf och net esou sinn, dass mer verstäerkt elo op Moossname rechnen, déi ausserhalb vu Lëtzebuerg géife stattfannen. Dat ass net am Sënn vun deenen Engagementer, déi mir geholl hunn, an der Responsabilitéit, déi mir als Industrieland a voll entwéckelt Land och ze huelen hunn.

Ech kommen op den Transportsecteur ze schwätzen. Dee bleift vu kruzialer Bedeitung, well et ass dee Secteur, wou sech de ganze Klimaschutz wäert hei zu Lëtzebuerg ronderëm dréinen, a wou mer et net däerfe weider zu engem Retard beim Opbau vun engem attraktiven neie System vum öffentlechen Transport komme loossen. Et ass kloer, dass de BTB-Projet, wéi en ursprünglech virgesi war, muss ganz a schnell duerchgezu ginn.

Ech kommen zum Schluss. Ech erkennen och, datt bei all deem, wat ech hei soen, mat all deenen Hausaufgaben, déi musse gemaach ginn, dat en Effort vu jiddferengem muss sinn. Heibannen, wéi och an der Regierung. Dat kann net op de Schëllere vun de Responsabele vum Ëmweltressort leiebleiwen.

Ech hunn den Hëllefruff vum Minister zur Kenntnis geholl, wann dat esou stëmmt, wéi dat hei am WOXX steet iwwer eng Table ronde, déi viru kuerzem zu dem Après-Johannesburg-Thema stattfonnt huet. Ech zitéieren den Här Goerens: „Als Umweltminister komme ich in verschiedenen Punkten nicht voran, stobe auf Resistenzen. Ich stehe in einem permanenten Interessenkonflikt mit anderen Regierungsmitgliedern und gerate immer wieder in die Rolle des Emmerdeur municipal". Ech weess net, ob dat Zitat richteg ass. Op jidder Fall, mir géife gär wëssen, wou déi Resistenze leien. Mir géife gären dem Minister hëllefen, déi Resistenzen ze iwwerwannen, fir dass mer virukommen. Merci.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marco Schank agedroen. Den Här Schank huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Marco Schank** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et si lo genee zéng Joer no Rio, datt zirka 40.000 Participanten um Sommet zu Johannesburg waren. A wann een d'Medien héieren huet, den Intérêt war immens grouss. Ëmmerhi waren 190 Natioune vertrueden. Während zéng Deeg ass a Südafrika berode ginn. An et gëtt gesot, datt den Intérêt vun de Medien esou grouss gewiescht wär, wéi d'Resultater kleng gewiescht wären. Dat hunn zumindest béis Zongen, et kann een och soen, deemno wéi een et kuckt, éierlech Zonge behaapt.

Wann een elo déi direkt Stellungnahme sech ukuckt vun de Participantë vu Lëtzebuerg, da gesäit een effektiv, datt éischter méi en duerchwuessene Bilan gezu gouf. Ech kann zwee, dräi Léit zitéieren. De gréngen Europadeputéierten

Turmes huet gesot, datt ëmmerhin nach e Réckschrëtt par rapport zu Rio verhënnert konnt ginn. De Mouvement écologique huet gesot - ech zitéieren: "De Sommet war eng Enttäuschung, op deem et deene réckstännege Regierungen, den USA ënnerstëtzt vun Australien, Kanada an och Japan an den uelechproduzéierende Länner gelongen ass, datt d'Nohaltegkeet a ville Punkten um Altor vum kuerfristege wirtschaftlechen Interesse geaffert gouf."

De Minister Charles Goerens schwätzt vun hoffnungsvollen Usätz a seet, datt ënnert dem Stréch net alles negativ war, a wee sech méi vun dëser Konferenz erwaart hätt, dee wier blauäugeg gewiescht. Wouer ass sécher, datt d'Ausgangspositioun eng ganz schlecht war, well jo scho vu verschiddene Säite virdru gesot gi war, datt op kee Fall nei Ziler zu Johannesbuerg géifen akzeptéiert ginn. Wouer ass och, datt trotzdem awer, wann och net vill, e puer nei Ziler definéiert goufen a souguer déi nei Ziler mat Aktiounsprogrammen a Geldmëttel ofgemaach goufen.

Ee vun deene wéinege Beispiller ass dann de Beräich vun der biologescher Vielfalt, wou ëmmerhin 2010 de Réckgang vum Aarteräichtum däitlech soll reduzéiert ginn.

Ech denken och, datt Lëtzebuerg, souwuel um Niveau vun de Regierungs- a Chambervertrieder - d'Chamber war duerch den Här Emile Calmes vertrueden -, wéi och vun den ONGen zu Johannesburg gutt vertruede waren. Den zoustännege Minister huet och zu Recht ervirgestrach, datt déi Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik eisem Land Respekt an Unerkennung bréngt. Och, wann ech mir géif wënschen, datt d'Regierung och Geld an d'Sensibiliséierung vun de Leit heiheem géif investéieren, fir datt e Lien entsteet zwëschent der Kooperatiounspolitik um Terrain an deem, wat d'Leit denken, an datt net heiheem den Androck entsteet, mir wëllten eis op dës Manéier einfach mat de Sue fräikafen.

Här President, an deenen zwou Minutten, déi mer bleiwen, wollt ech vläicht och e puer méi nodenklech Remarque maachen. Fir d'éischt emol hu verschidden ONGe sech d'Fro gestallt, ob iwwerhaapt sou eng international Groussveranstaltung Sënn mécht, dat haaptsächlech wéinst de Käschten. Déi ganz Veransttung huet ongeféier 50 Milliounen US-Dollar kascht. D'Heinrich-Böll-Stëftung huet zum Beispill gemengt, datt et vläicht méi sënnvoll wier, fir d'éischt de Rôle vun der UNO ze stäerken, ier een en zukünftege Sommet organiséiert an iwwerhaapt e Beitrag méiglech wier fir eng méi global, gerecht an och nohalteg Entwécklung.

Et ass jo esou, datt d'Interesse vun deenen eenzelne Staten - dat ass näischt Neies - enorm ausernee geet, trotz formaler Gläichberechtegung. Et kann ee sech a prinzipielle Froen duerchaus eens sinn, mee dat heescht net, datt all Land kuerz- mëttel- oder laangfristeg kann déi erfuerderlech Mëttelen opbréngen, fir déi Ziler ze erreechen, déi fixéiert ginn.

An dësem Kontext wëll ech och froen, wéi d'Positioun vun der Regierung ass am Hibléck zur Schafung vun enger Organisatioun, engem globale Gremium, dat sech ausschliesslech mat der Nohaltegkeetsproblematik géif beschäftegen. D'ONGen soen och, datt ekonomesch Interesse Virrang haten an hunn viru sozialen an ekologeschen Interessen. Zum Schluss wieren ënner anerem den Zougang zum Maart an d'Bedeelegung vu private Firmen als Schlëssel ugesi ginn, fir d'Bekämpfung vun der Aarmutt a fir d'nohalteg Entwécklung virunzebréngen.

Och beim globalen Ëmweltschutz wären eigentlech keng Fortschrëtter ze verbuchen, virun allem net, wat d'Ofdroe vun den ekologesche Scholden - dat ass jo dat, wat wichteg ass - vun den Industrienatiounen ugeet. Alles ass also relativ onverbindlech.

Et war och zum Beispill am Aktiounsplang Energie net méiglech, sech op konkret Chifferen an op e verbindlechen Zäitkader festzeleeën. Ech wëll net nach eng Kéier op dat zréckkommen, wat ech an der Nohaltegkeetsdebatt gesot hunn, mee och zu Lëtzebuerg musse mir eis Hausaufgabe maachen an deem Kontext, zum Beispill andeem mer definitiv eis CO2 - Emissiounen an de Gréff kréien, zum Beispill beim Wunnengsbau am Stroumberäich, virun allem awer am Transport, wou mer - ech soen et dann nach eng Kéier - ouni BTB keng Chance hunn, fir eist Zil ze erreechen.

Ech wollt zum Schluss soen, datt de Facteur Zäit e ganz entscheedenden ass. Et ass einfach, fir flott a guttklengend Konventiounen a Protokoller ze schreiwen, wann et da Joren dauert bis se vun e puer Natiounen ëmgesat ginn. Et ass och ze bedaueren, datt d'USA net wëlles hunn de Kyoto-Protokoll ze ënnerschreiwen, well méi wéi ee Véirel vun de weltwäiten Emissiounen aus den USA kommen.

Näischtdestotrotz, Här President, bleift eis näischt aneschtes iwwreg wéi dat, wat zu Johannesburg erreecht gouf, ëmzesetzen an op déi Resultater opzebauen, och wa se net genial sinn. Nohaltegkeet ass definitiv ee Prozess vu klenge Schrëtt. Et kann ee soen, all Schrëtt ass e Schrëtt no vir, och Johannesburg, och wann d'Generatiounen no eis vläicht enges Daags mussen déi penibel Erfahrung maachen, datt fir si dee Prozess definitiv ze lues war.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. Den Här Calmes huet d'Wuert.

**M. Emile Calmes** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, et ass scho wichteg an och richteg, dass mer haut eis awer e bëssen iwwer Johannesburg ënnerhalen an dëser Aktualitéitsdebatt, quitte datt mer eréischt viru véier Méint eis e ganzen Nomëtteg am Kader vun der Nohaltegkeetsdebatt mat där Problematik beschäftegt hunn.

All ze oft gëtt vergiess, dass eise Planéit awer an engem Ausmooss strapazéiert gëtt, deen iwwert dat eraus geet, mengen ech, wat e verdréit. Do ginn dann oft ganz schéi Wierder gebraucht, fir dat ze ëmschreiwen. Dat war och zu Johannesburg esou de Fall. Ech erënnere just un d'Ried vum franséische President, dee mat ganz pathetesche Wierder beschriwwen huet, wéi d'Situatioun vun dësem Planéit ass. Ech liesen lech nëmmen ee Saz doraus vir. Dovu kënnt Dir dann halen, wat Der wëllt. Ech weess net, wéi d'Ëmsetzung vun der Nohaltegkeet a Frankräich an de leschte Jore war, mee ëmmerhin kënnt Der Iech Är Gedanken doriwwer maachen: "Notre maison brûle et nous regardons ailleurs. La nature, mutilée, surexploitée, ne parvient plus à se reconstituer et nous refusons de l'admettre. L'humanité souffre, elle souffre de maldéveloppement, au Nord comme au Sud, et nous sommes indifférents. La terre et l'humanité sont en péril et nous sommes tous responsables. Il est temps, je crois, d'ouvrir les yeux...". An esou geet dat weider op dräi Säiten.

Dat si lauter schéi Wierder, mee wann et dorëms geet, fir sech emol op eng politesch Absichtserklärung eens ze maachen, fir en Aktiounsprogramm ze definéieren, da gëtt dat Ganzt scho méi schwéier. An ech mengen, dat huet Johannesburg bewisen.

Nach vill méi schwéier gëtt et, dat, wat och zu Johannesburg diskutéiert a festgehale ginn ass, an d'Wierklechkeet ëmzesetzen. Dat huet iwweregens Rio scho bewisen. An ech mengen, et war eigentlech gutt, datt de Sommet vu Johannesburg war, fir iwwerhaapt emol kënnen, zéng Joer nodeems Rio stattfonnt huet, awer de Bilan ze zéien. Ech mengen, mir sinn eis doriwwer eens, datt dee Bilan iwwer dat, wat zu Rio décidéiert gi war oder iwwert dat, wat sech virgeholl gi war, awer dach relativ moer ass.

D'Erwaardungen, déi a Johannesburg gesat si ginn - dat ass richteg -. déi ware fir jiddereen, deen dohinner gaang ass, net schrecklech grouss, op d'mannst fir mech net. An deem Sënn war et och schwéier Rio ze iwwertreffen. Ech mengen, Rio ass an der Zwëschenzäit zu engem Begréff ginn, an et hätt schrecklech vill bedingt, fir dat als Begréff iwwerhaapt ze iwwertrompen. Trotzdem mengen ech, datt d'Resultater nach besser si wéi dat, wat uganks gefaart ginn ass.

Firwat waren d'Erwaardungen net héich? Mee ganz einfach, well mer ënner anerem mat den Amerikaner, mat enger Regierung ze dinn hunn, déi an Zwëschenzäit berechenbar ass. Et weess een, datt vun där Säit net schrecklech vill kënnt. Also konnt een d'Erwaardungen net schrecklech héich usetzen. Datt d'Resultater déi sinn, déi se ebe sinn, dat huet natierlech och do dermat ze dinn, mee datt se awer nach méi positiv si wéi muenchereen dat gesäit, mengen ech, huet awer domat ze dinn, datt d'Europäer, obscho se vum éischten Dag u vun der Konferenz am Fong geholl an d'Defensiv gedréckt gi waren, trotzdeem versicht hunn, datt de Sommet vu Johannesburg net sollt scheiteren. An an deem Sënn mengen ech, ass et dach awer der Europäescher Unioun ze verdanken, datt trotzdeem dat dobäi eraus komm ass, wat dobäi eraus komm ass, an datt et op d'mannst emol net zréckgaangen ass. Dat heescht, datt mer awer dat, wat zu Rio festgehale ginn ass, op d'mannst konnten halen.

Et kann ee jo och eng Partie Beispiller ginn. Sou wéi dat, wat iwwer d'Drénkwaasser gesot ginn ass, wou da sech virgeholl gëtt, datt bis 2015 d'Leit aus den Entwécklungslänner, d'Halschent vun deene Leit, déi haut keen Accès zum Drénkwaasser hunn, dat bis 2015 awer sollen hunn. Da soen d'Kritiker natierlech, da bleift jo awer nach déi aner Halschecht. Dat do ass d'Affaire da vum Glas, wat hallef voll oder hallef eidel ass.

Datselwecht gëllt fir d'Energie, wou bedauert ginn ass, datt verbindlech Moossname net geholl gi sinn. Ursprünglech sollt décidéiert ginn, datt 15% vun aller Energie soll op Basis vun erneierbaren Energië gemaach ginn. Dat ass leider net zougelooss ginn. Et ass awer zum Beispill décidéiert ginn, datt d'Leit aus den Entwécklungslänner sollen een Accès zur Energie hunn, well Energie jo awer d'Basis ass vun all wirtschaftlecher a sozialer Entwécklung. Wann ee weess, datt den Accès zur Energie an den Entwécklungslänner oft awer nëmme kann iwwer erneierbar Energien erfollegen, da gëtt de Kyoto-Protokoll eis jo awer d'Méiglechkeet, zum Beispill iwwert déi flexibel Mechanisme méi séier dohinner ze kommen.

De Kyoto-Protokoll huet awer och anere Länner, wéi zum Beispill Russland, Kanada an och China iwwregens, d'Geleeënheet ginn, do ze deklaréieren, datt si bis Enn vun dësem Joer dëse Protokoll wëlle ratifizéieren, sou datt deen och bis Enn vun dësem Joer ka ratifizéiert ginn. Wier déi Konferenz net gewiescht, weess een net, ob et dozou komm wier.

Ech mengen, et sinn awer och nach eng aner Partie positiv Erklärungen do gemaach ginn. Sou zum Beispill ass en Appel gemaach ginn un déi sozial an ökologesch Verantwortung vun de globalen Handelsbetriber. Dat stoung net an der Deklaratioun vu Rio dran. Et ass zum Beispill gesot ginn, datt déi international Emweltaccorden net de Regele vun der WTO géifen ënnergeuerdent ginn. Et ass och zum Beispill en Appel un d'State gemaach ginn, fir d'Konsum- an d'Produktiounsverhalen ze änneren, an dobäi selbstverständlech déi regional an national Initiativen ze ënnerstëtzen.

Alles dat déngt natierlech näischt, wéi dat och schonn hei virdru gesot ginn ass, wann net endlech gehandelt gëtt. An et ass dofir och net verwonnerlech, datt et just d'Europäesch Unioun war, déi gesot huet, dat Jorzéngt no Johannesburg misst d'Jorzéngt vum Handele ginn. An et ass op d'mannst d'Europäesch Unioun, déi gudde Wëlles ass, fir dach awer méi séier dat ëmzesetzen, zu deem se sech engagéiert huet a wat zu Rio festgehale ginn ass.

Iwwer d'Nécessitéit vu sou grousse Konferenzen huet mäi Virriedner scho geschwat. Effektiv hat een op der Konferenz d'Impressioun, wéi wann de Fësch am Waasser géif ersoff ginn. Op enger Partie Konferenzen hätt ee sech oft op engem arabesche Maart besser zurechtfonnt wéi bei esou enger Konferenz. Do ass oft Waasser géint Pëtrol gehandelt ginn. Et ass Entwécklungshëllef géint Mënscherechter gehandelt ginn, oder d'Biodiversitéit géint Chemikalien. Dat huet vläicht domat ze dinn, datt d'Sujeten ze vaste op där Konferenz waren. An et muss ee sech vläicht an Zukunft iwwerleeën, ob déi Konferenzen, déi nëmmen ee Sujet behandelen, eis dach net awer méi wäit virubrénge wéi sou global Konferenzen. Dat ass selbstverständlech och keng Garantie. Mee an der Vergaangenheet huet et sech awer bewisen, datt dat ka sinn.

Den Här Bodry huet dann och d'Situatioun hei am Land ugesprach. Ech menge mir hu viru véier Méint dës Laangen an dës Breeden iwwer Nohaltegkeet diskutéiert. Ech mengen, datt mer schonn um Terrain schaffen. Um Niveau vun der Energie, um Niveau vum Ëmweltfong sinn eng Partie Entscheedunge geholl ginn, déi eis dach erlaben, konkret um Terrain ze schaffen. Domat ass ganz sécher net alles gemaach. Zum Schluss vun eiser Debatt viru véier Méint hate mir och d'Regierung invitéiert, selbstverständlech deem nationalen Nohaltegkeetsplang eng legislativ Basis ze ginn. Mir hunn och hei diskutéiert iwwert dee Conseil national de développement durable. A fir datt d'Iddi vun der Nohaltegkeet Agank an all Ministère fënnt, hate mir och gemengt, et soll eng Commission interdépartementale um Niveau vun der Regierung agesat ginn, wat de Wee dann och méi liicht géif maachen. An deem Sënn géif ech Iech merci soe fir d'Nolauschteren.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären. Gemooss un deene grousse Ambitiounen, déi de Sommet vu Johannesburg hat oder déi wéinegstens emol an d'Welt gestallt si ginn, muss ee soen, dass dat, wat dobäi erauskomm ass, enttäuschend ass, an et kann ee soen, et wär e Schlag an d'Waasser gewiescht, och wann eng Partie positiv Usätz dobäi erauskomm sinn.

D'Ambitioun war jo eigentlech, fir konkret Ziler an och en Zäitplang festzeleeën, an deem déi Ziler kéinte realiséiert ginn. Wann een d'Resultater kuckt an et analyséiert ee se Punkt fir Punkt, da stellt ee fest, datt dat nëmmen an deene wéinegste Fäll erreecht ginn ass.

Bei der Energie, an dat ass jo eppes, wat eis op Grond vun der Klimaproblematik alleguer prioritär interesséiert a beschäftegt, si keng konkret Ziler festgeluegt ginn. Et läit och kee präzisen Zäitplang fest. A mir wëssen alleguer, dass eng Muecht, déi ganz villes an der Hand huet - dat sinn, ech nenne se emol sou, eis amerikanesch Frënn -, ganz villes blockéiert huet, an datt si och u villem Schold ass, datt mer do net méi wäit virukomm sinn.

Eng aner Problematik, déi mat de Joren ëmmer méi schwiereg gëtt a wou d'Wëssenschaftler an d'Politologen eis viraussoen, dass se an deenen nächste Jorzéngte fir grouss Konflikter wäert suergen, ass d'Waasserproblematik. Do läit zwar e konkret Zil vir. Dat ass bis 2015 d'Halbéierung vun der Zuel vu Mënschen, déi de Moment keen Zougang zu propperem Waasser hunn, datt wéinstens d'Halschent vun deene Leit, déi an esou enger intenabler Situatioun sinn, Zougang zu propperem Waasser kréien. Dat ass eng ganz begréissenswäert Zilsetzung. Mee et muss een awer soen, dass se och net all ze vill ambitiéis ass, well da bléift jo ëmmerhin nach déi aner Halschent, déi deen Zougang net huet. A mir wëssen, datt duerch de Bevölkerungswuesstem a muenchen Deeler vun der Welt, an och virun allem duerch de Klimachangement, d'Situatioun vun der natierlecher Waasserversuergung och net besser gëtt.

En anere wichtege Punkt, deen eis alleguerte beschäftegt, ass dee vun der Biodiversitéit. Do, wann een dat liest, wat dobäi erauskomm ass, fënnt een haaptsächlech fromm Wënsch. Och kee konkreten Engagement, keng konkret festgeschriwwen Obligatioun, fir dat, wat dann elo wierklech do soll geschéien, och keng Mesuren nom sougenannte Vorsorgeprinzip.

Och bei der grousser Problematik vum weltwäiten Asaz vun de Chemikalien, a Gott weess, dass dat wahnsinneg Quantitéite sinn, déi all Joer erausbruecht ginn, ass d'Resultat op d'mannst widderspréchlech. Mee ëmmerhin ass en Usaz do, wat de Principe de précaution ubelaangt.

Et stellt ee sech natierlech lo hannendrun d'Fro: Wat ass de Wäert vun sou Mammutkonferenzen? Soll ee weider op deem Wee virugoen, oder soll ee vläicht awer méi op bilateral oder regional begrenzten Aktioune setzen?

Ech mengen, et wär trotz allem déi richteg Démarche. D'Europäesch Unioun muss weiderhin eng Virreiderroll spillen, a Lëtzebuerg muss och seng Verantwortung an deem Kontext iwwerhuelen. D'EU muss sech weiderhin Alliéiert sichen. Eis natierlech Alliéiert sinn d'Entwécklungslänner, déi et noutwenneg hunn, datt mer hinnen op deem Wee virun hëllefen, datt mer vermeiden, datt si déiselwecht Feeler maachen, déi bei eis an der industrieller Entwécklung geschitt sinn. Och anerer, déi à michemin sinn, virun allem Indien a China. Mir wëssen, datt do de gréissten Deel vun der Weltpopulatioun op relativ klengem Raum zesummelieft. Et gëtt keng Alternativ zur nohalteger Entwécklung, sou wéi se definéiert ass. Mee mir wëssen, dass déi Länner net aus hirer Problematik erauskommen, wa mir hinnen net hëllefen.

Ech wëll awer, Här President, net ofschléissen, ouni nach eng Kéier, sou wéi ech et och hei beim Débat

iwwer d'Nohaltegkeet gemaach hunn, déi méi wéi zweifelhaft a bedauernswäert Roll vun de Vereenegte State vun Amerika ze kritiséieren. An ech froe mech - ech sinn net an de Secrete vun deene Leit, déi déi Verhandlunge féieren -, ob een net dach muss derzou kommen an de WTO-Verhandlungen, wou d'Amerikaner jo ëmmer ganz grouss hir Interessen umellen a probéieren duerchzesetzen, dass een nëmmen do Konzessioune mécht, wann och op där anerer Säit d'USA bereet sinn, am Beräich ganz besonnesch vun der Energiepolitik, vum Energieaspueren a vun der Entwécklung vun erneierbaren Energien, hiren Deel matzedroen a konkret de Protokoll vu Kyoto ze ratifizéieren.

Här President, ech hunn en Dram, dat ass deen...

***(Interruptions)***

Neen, ech hunn Iech déi leschte Kéier hei virgerechent,...

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Mir gesinn en Alpdram.

**M. Robert Mehlen** *(ADR).*- ...datt eleng den amerikanesche Militärbudget, Här Mars Di Bartolomeo, wann een en an Autoe géing ëmsetzen, wou een Auto eng Millioun Frangen d'Stéck géing kaschten, an Dir géingt se....

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Dat sinn awer schonn décker. Dir fuert déi déck Autoen. Déi aner Leit fueren der vun enger halwer Millioun.

**M. Robert Mehlen** *(ADR).*- Et rechent sech méi einfach. Et kann een awer och soen, 800.000 oder 700.000, an da komme mer awer op en ähnlecht Resultat eraus. Géing een déi alleguer hannerenee setzen, da kéint een zweemol den Tour ronderëm d'Welt maachen, wann ee se Pare-choc widder Pare-choc stoen hätt.

An ech dreemen dovun, Här President, an ech ginn och hei der Regierung de Message mat, datt mer et weltwäit misste fäerdeg bréngen en Engagement ze huelen, fir och nëmmen 20% vun deene Militärbudgeten ze huelen, fir erneierbar Energien ze entwéckelen, a fir se och an der Praxis ëmzesetzen. Wa mer dat net maachen, da wäerte ganz sécher déi, déi no eis kommen, hiert blot Wonner erliewen.

Ech soen Iech merci.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Et ass berouegend, dass Der och heiansdo ganz vernünfteg Iddien hutt.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. De Sommet vu Johannesburg huet seng Erwaardungen erfëllt. Et waren nämlech keng Erwaardungen do, an dofir huet en och net brauchen ze enttäuschen.

Virdrun huet hei e Virriedner gesot, mir sollen trotz där Enttäuschung vum Sommet vu Johannesburg higoen an déi Resultater, déi dann do hätte solle sinn, ëmsetzen. Deem kann ech just entgéinthalen, mir sollen ier mer iwerhaapt un déi Resultater vu Johannesburg ginn, mol déi Resultater vu Rio vun 1992 ëmsetzen. Well, ech sinn nämlech e bëssen erstaunt, wann hei Spriecher vun dräi grousse Parteien, déi an deene leschten zéng Joer mat wiesselnde Majoritéiten un der Politik vum Développement durable hätte kënnen emseg schaffen, hei e schrecklechen Nachholbedarf diagnostizéieren, besonnesch eng Fraktioun, déi awer trotzdeem siwe Joer laang d'Responsabilitéit iwwert den Développement durable hat. Ech stelle fest, dass de Rôle vum Don Quichote, deen den Här Goerens ëmmer sou an d'Arena werft, eng gewësse Kontinuitéit zwëschent deenen dräi leschte Regierungen duerstellt.

Ech wëll nämlech drun erënneren, dass zu Rio aus enger Deklaratioun e wäitreechenden a präzise Plang verabschiet ginn ass, nämlech d'Agenda 21. Do sti Mesuren dran, vun deenen ee ganz genau kann novollzéien, ob se duerchgefouert si ginn oder net. An déi eenzeg Mesure, vu där ech zu Lëtzebuerg gesinn, dass se duerchgefouert ginn ass an déi och luewenswäert ass, ass déi Geschicht vun den 0,7% vum PIB fir d'öffentlech Entwécklungshellëf. An all deenen anere Punkten, wann ech se nach emol duerchliesen - an ech hunn de Pabeier nach ëmmer doheem leien -, stellen ech fest, dass näischt, oder quasi näischt geschitt ass.

Wann ech also hei héieren, dass misst, wéi an der Agenda 21 steet, den Développement durable quasi eng paradigmatesch Roll spillen duerch all Ministèren an dass et misst e Comité interministériel ginn, da stellen ech fest, dass an anere Länner, vun der Belsch iwwert de Mali, iwwert Trinidad-Tobago, Neuseeland a Kanada, dat scho längst geschitt ass, an zu Lëtzebuerg no zéng Joer nach näischt geschitt ass. Den Développement durable ass nach ëmmer kantonéiert an engem Büro vum Ëmweltministère.

Wann ech da liesen an der Agenda 21, dass d'Implikatioun vun der Bevölkerung am Allgemengen an de Forces vives am Besonneschen, dee wichtegsten Aspekt vum Développement durable ass, stellen ech fest, dass zum Beispill de Plan national pour le développement durable am stillen Kämmerlein confectionnéiert ginn ass, ni en Débat public stattfonnt huet an dass en iergendwann eng Kéier 1999, ee Mount virun de Wahlen, publizéiert ginn ass. Ech stellen och fest, dass et keng präzis Rapporte gëtt iwwert dat, wat an där ganzer Period geschitt ass. Also, alles dat, wat d'Agenda 21 eigentlech fuerdert, ass hei zu Lëtzebuerg net geschitt.

Et gëtt och kee Cadre institutionnel, deen et géif erlaben, souwuel de Plan national wéi och de Rapport national iergendwéi an Zesummenhang ze bréngen an en Débat ze féieren, wou dee Plan national kënnt souwuel vum Parlament, vun de Forces vives wéi och vun der Populatioun am Allgemengen diskutéiert ginn, zum Beispill mat engem Avant-Projet dann duerch d'Parlament géif goen an dann a Form vun engem Gesetz prezis bindend kéint sinn.

Ech hunn den Här Minister Goerens op där Table ronde vun der Wochenzeitung WOXX héiere soen, dass hie géif plädéieren, dass d'Responsabilitéit fir de Plan national awer soll - déi misst jo bei der Regierung leien - bei engem Institut leien, dat largement onofhängeg wär. Dat kënne mir nëmme begréissen, well et muss trotzdeem eng gewëssen Intersubjektivitéit doranner garantéiert sinn.

Mir hunn och de Premierminister héiere soe bei senger Sonndesried vum Mee vun dësem Joer, dass e Conseil supérieur pour le développement durable géif geschaf ginn. A well dat esou ass, hu mir eis Gedanke gemaach an hu selwer gemengt, et wär vläicht net opportun, dass nach géifen zéng Joer an d'Land goen, ier eppes Konkretes passéiert. An dofir hu mir wëlles gehat der Regierung ënnert d'Äerm ze gräifen.

## 8. Dépôt d'une proposition de loi

Ech wëll dofir haut eng Propositon de loi déposéieren, déi sech engersäits un dem belsche Modell inspiréiert, allerdéngs vill méi wäit geet, well si schaaft engersäits e Cadre institutionnel et procédural fir d'Politik vum Développement durable. Si schaaft eng onofhängeg, awer öffentlech Instanz, fir de Plan national ëmzesetzen a Form vun engem Etablissement public. Si schaaft och e Conseil supérieur, wou net nëmmen d'Sociétés civiles vun den ONGen a vun de Sciencen dra sinn, mee och déi traditionell Acteure wéi d'Ekonomie, wéi d'Patronen a wéi d'Syndikater.

Si schaaft domat och en Instrument of, wat et säit 1966 hei am Land gëtt, nämlech de Conseil économique et social, well mir mengen, dass d'Politik vum Développement durable esou wichteg ass, dass all déi Aspekter, déi bis elo de Conseil économique et social iwwerhëlt, kënne vun deem neie Gremium iwwerholl ginn. Dat neit Gremium wäert dann och déi Moyene kréien, fir selwer en Observatoire indépendant ze schafen, fir dass déi Politik vun der Regierung kann och aus der Siicht vun der Wëssenschaft an aus der Siicht vun de Forces vives vun der Natioun verfollegt ginn. Ech wäert dann déi Proposition de loi elo hei déposéieren.

*- Proposition de loi 5036*

*1. relative à la politique nationale de développement durable,*

*2. portant création d'un établissement public nommé "Institut national du développement durable",*

*3. portant abrogation de la loi modifiée du 21 mars 1966 portant institution d'un conseil économique et social.*

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Chamber hëlt Akt vun där Proposition de loi.

## 9. Heure d'actualité demandée par le groupe socialiste sur les conclusions du Sommet de Johannesburg (Suite)

Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

***Discussion générale (suite)***

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Här President, et ass wuel eng Binsenwahrheit, wann ee seet, dass de Sommet vu Johannesburg net den Noutwennegkeeten entsprach huet vun enger Léisung vun deene globalen, sozialen an Ëmweltproblemer, déi sech jo ouni Zweiwel an engem ganz grousse Mooss stellen.

Et ass kaum méiglech, nach hautdësdaags zwëschestaatlech, international Ofkommessen zu stanen ze bréngen. An och zu Johannesburg ass d'Entwécklung dominéiert ginn vun deene sou genannte Partnerschaften vum Typ II. Dat heescht, globalen a regionale Partnerschaften, wou déi transnational Konzerner ouni Zweifel d'Soen hunn. Et ass eng Bezéiung tëschen ongläiche Partner, déi virun allem dem Accès zu neie Marchéen déngt. An ech mengen, Här Minister, d'Interesse vu batteraarmen, aidskranken Afrikaner ass nun awer net ënner een Hutt ze bréngen mat den Interesse vun der Pharmaindustrie.

Och d'Léisung vum Waassermangel, dee jo zu Johannesburg als ee vun de Problemer duergestallt ginn ass, deen elo misst geléist ginn, och déi Problematik riskéiert prioritär, riseg Marchéen opzemaache fir ënner anerem europäesch Ubidder. Ech hunn duerfir och keng Illusioun iwwert d'Roll, déi Europa spillt an deem ganze Prozess. An och wann et Iech wonnert: Ech wiere mech dergéint, dass eesäiteg den Amerikaner ëmmer d'Schold gi gëtt un deem, wat virgeet international op deem Plang.

Ech wëll dat hei un engem anere Beispill soen, dat ass dat vun der Organisation mondiale du Commerce, der OMC, déi hei schonn erwähnt ginn ass. Do weist sech ganz kloer, datt bei all deenen Négociatiounen, déi sech op internationalem Plang maachen, ëmmer déi Logik am Hannerkapp ass.

Zënter der Konferenz vun Doha ass jo eng nei Etapp ageleet ginn an der Liberaliséierung vun de Servicer. Eng ganz nei a geféierlech Etapp ass do ageleet ginn, a, wéi bekannt ginn ass, drängt grad d'Europäesch Kommissioun drop, fir datt aner Länner hir Marchés publics sollen opmaachen. Dat ass erauskomm bei Fuiten aus der Europäescher Kommissioun an och zum Géigestand vun der Diskussioun gemaach ginn. An anscheinend konsultéiert sech d'Europäesch Kommissioun bei deene Geheimverhandlungen virrangeg mam Forum des Services Européen. Wat ass dat? Dat ass eng Organisatioun vu 85 groussen Europäesche Servicefirmen. An ech wëll hei d'Lëtzebuerger Regierung opfuerderen, emol do ze kucken, wat do négociéiert gëtt vun der Europäescher Kommissioun aus, a fir dofir ze suergen, datt dat transparent an ënnert demokratescher Kontroll viru sech geet a fir och ze ënnersichen, wat dat fir Konsequenzen huet op d'Marchés publics an eise Länner.

Fir op Lëtzebuerg zréckzekommen: Lëtzebuerg mécht zwar Efforten an der Entwécklungspolitik, Lëtzebuerg mécht och Efforten, wat den Développement durable ugeet. Ech wëll dat net ofstreiden. Anerersäits huet awer déi heite Regierung de BTB-Projet torpedéiert. A wann ech emol de WOXX liesen, da stellen ech fest, datt den Ëmweltminister do seet, hie wär an engem permanenten Interessekonflikt mat anere Regierungsmemberen - déi wahrscheinlech haaptsächlech d'Wirtschaftsinteresse vertrieden -, an en erkläert sech als Unhänger vum BTB, an dat vun Ufank un, wéi een dat do kann noliesen. Ech huelen un, datt déi Zeitung net gelunn huet!

Meng Konklusioun ass op jidde Fall déi heiten: Hoffnung kënnt kaum vu Rio, d'Hoffnung kënnt scho guer net vu Johannesburg. Do setzen ech da schonn éischter op esou een alternative Forum, wéi dee vu Porto Allegre. Ech setzen och op den Europäesche Sozialforum, an am Allgemengen op d'Allianz tëschent der Ëmwelt- an der Sozialbewegung, well ouni déi Allianz brénge mer et net fäerdeg, déi desastréis international Entwécklung zréckzedréinen, déi vum Neoliberalismus ganz eendeiteg gekennzechnet ass, net nëmmen, wat d'Amerikaner betrëfft - ech wëll et nach eng Kéier hei soen -, mee och wat d'Europäesch Unioun betrëfft, déi sech an derselwechter Logik befënnt, wann se och nach deelweis Widderstand dogéint mécht, mee fundamental ass se an derselwechter Logik.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Statssekretär Eugène Berger.

**M. Eugène Berger,** *Secrétaire d'Etat à l'Environnement*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, knapps dräi Méint nodeems mer en Débat hei an der Chamber haten iwwert d'Nohaltegkeet, schwätze mer haut schonn nees eng Kéier iwwert dee Sujet. Haut geet et drëm, fir de Bilan ze maache vum Sommet vu Johannesburg. Mir hunn eis dat esou opgedeelt, datt ech méi spezifesch géif iwwert déi Aspekter vum Environnement schwätzen an de Minister Goerens géif dann och op déi Aspekter vun der Entwécklungspolitik agoen.

Et ass esou, datt - dorunner wëll ech erënneren - am Virfeld vu Johannesburg Lëtzebuerg an enger Rei Punkte kloer Positiounen zesumme mat sengen europäesche Partner ageholl hat. Ech wëll dovunner vläicht zwee, dräi Stéck rappeléieren, besonnesch déi aus dem Ëmweltberäich, wou mer eis kloer ausgeschwat haten, op där enger Säit, fir kloer Ziler an Échéancen an der erneierbarer Energie ze setzen, ënner anerem war do en Zil dat mer ugestrieft hu vun engem Undeel vu 15% erneierbaren Energien an der Gesamtproduktioun, mat Stéchdatum 2010.

Besonnesch hu mer eis staark gemaach an der Biodiversitéit, fir e Stoppe vum Verloscht u Biodiversitéit bis d'Joer 2010 ze erreechen. Insbesonnesch hu mer eis agesat, fir d'Erstelle vun engem weltwäite Réseau vu Schutzgebidder, besonnesch vun den Urwälder.

D'Lëtzebuerger Delegatioun huet sech natierlech och zu Johannesburg ganz staark fir déi Zieler agesat, besonnesch an den europäesche Koordinatiounsronnen. Mir sinn eis awer och bewosst gewiescht, datt d'Stëmm vu Lëtzebuerg an der EU respektiv doriwwer eraus an esou engem Gremium, wou iwwer 190 Länner mateneen diskutéieren, ëmmer nëmme ganz kleng kënnt sinn, awer dat keng Ursaach wär, fir sech net dofir anzesetzen.

Wat d'Schlussresultater vun dem Sommet ubelaangt, ass scho vill driwwer diskutéiert ginn. Ech wéilt awer vläicht nach eng Kéier déi wichtegst Resultater am Beräich Environnement kuerz skizzéieren. U jiddferengem läit et dann, fir ze soen, ob dat positiv ass oder net, mee trotzdeem muss ee soen, datt an enger Rei vun Dossiere kloer Saachen an deen Aktiounsprogramm ageschriwwe gi sinn, wéi bei der Energie, wou gesot ginn ass, den Undeel vun der erneierbarer Energie muss weltwäit substantiell erhéicht ginn. Et ass zwar kee konkret Ziel festgesat ginn, mee et ass awer gesot ginn, datt regelméisseg muss iwwerpréift ginn, ob dat Zil dann och ugestrieft gëtt an ob deen Undeel un erneierbarer Energie sech vergréissert. Wann net, musse Korrekture virgeholl ginn.

Och huet d'EU eng Deklaratioun zum Schluss vum Sommet gemaach, wou se seet, datt si géif regional an national kloer Ziler an deem Beräich festsetzen, wou awer och iwwert d'Europäer eraus eng ganz Rei Länner sech der Deklaratioun ugeschloss hunn.

Bei deene ganze Resultater am Beräich Energie, muss een och drun erënneren, datt besonnesch am Zesummenhang mam Klimaschutz dräi Länner sech zu Johannesburg engagéiert hunn de Kyoto-Protokoll ze ratifizéieren, nämlech Russland, Kanada a China. Dat heescht also, wann déi Länner dat maachen, kann de Kyoto-Protokoll a Kraaft trieden. Mir schéngt dat ee vun deene ganz wichtege Resultater vu Johannesburg ze sinn. Ouni Johannesburg wier et wahrscheinlech net zu enger Deklaratioun vun deene Länner komm. Wann also elo déi Länner ratifizéieren, kann de Protokoll weltwäit a Kraaft trieden. Dat bedeit dann och automatesch, datt dat eng Resonanz huet op d'erneierbar Energien, awer da musse weltwäit méi Efforten an deem Beräich gemaach ginn.

Bei der Biodiversitéit soll bis d'Joer 2010 eng däitlech Reduzéierung vun de Verloschter erreecht ginn. Och soll den Ofbau vun den natierleche Ressourcë gestoppt ginn. Bei de Chemikalien - dat passt och an de Beräich vun dem Environnement - ass décidéiert ginn, dass bis 2020 eng kloer Reduzéierung vun den ëmweltschiedleche Chemikalien erreecht soll ginn.

Da vläicht ee ganz wichtege Punkt, dee virdrun net esou vill an der Diskussioun erwähnt ginn ass, an zwar dee vum Waasser, Waas-

ser, wat net nëmmen den Aspekt Environnement, mee och aner Aspekter betrëfft. Do ass kloer festgeschriwwe ginn, datt bis d'Joer 2010 deen Deel vun der Weltbevölkerung, dee keen Accès huet zu propprem Drénkwaasser respektiv och keng Ofwaasserentsuergung huet, ëm d'Halschent reduzéiert gëtt.

Sécherlech, aus der Siicht vum Environnement, kéint ee soen, datt ee sech méi pertinent Ziler erwaart hätt, mee et muss een awer wëssen, datt bei esou enger Konferenz ëmmer musse Kompromëss gemaach ginn. Besonnesch och, wa mat villen anere Sujeten dat zesummen diskutéiert gëtt, wéi schonn den honorabelen Här Calmes dat erwähnt huet, an dann natierlech e bëssen ee Sujet mat deem aneren vermëscht an e bësse gefeilscht gëtt. Et kann ee sech d'Fro stellen, ob et net méi sënnvoll ass, besonnesch am Beräich vum Environnement, datt een an Zukunft vläicht éischter Konferenzen mécht, wou een nëmme präzis Sujeten iwwert den Environnement diskutéiert, well do awer d'Chance méi grouss ass, datt méi konkret Ziler dobäi erauskommen.

Et muss een op alle Fall aus der Siicht vum Environnement festhalen, datt de Prozess vun der Nohaltegkeet weidergaang ass, well dat Schlëmmst, wat jo hätt kéinte passéieren, datt einfach carrément näischt erauskomm wier an datt zu Johannesbuerg carrément an deem Prozess en Arrêt komm wär. Dat ass et net gewiescht. Et ass also hei e kloert Signal vun der Weltgemeinschaft, datt se weider wëllt an d'Richtung vun der Nohaltegkeet schaffen. Dofir ass sécher de Sommet keen Echec. Et ass ee klenge Schrëtt, och aus der Siicht vum Environnement, e klenge Schrëtt an déi richteg Richtung, mee och mat klenge Schrëtt kënnt ee weider. Ech weess dat besonnesch als Biergsteiger. Och wann ee wëllt op en héije Bierg klammen, muss een net déi gréisste Schrëtt maachen, mee och mat klenge Schrëtt, déi een dauernd mécht, kënnt een u säin Zil.

Vläicht eng vun deene wichtege Froen, déi ee sech muss stellen no esou engem Sommet wéi Johannesburg, ass déi, wéi een dann elo deen Aktiounsplang, deen do décidéiert ginn ass, konkret ëmsetzt. Ee wichtegt Element dobäi si sécher déi Partnerschafte vum Typ II, wou an enger relativ soupler Form, a Kombinatioune vu Verbündnisser vu Stat, ONGen, Privatekonomien a Weltbank, schnell an effizient Projeten kënnen ëmgesat ginn.

Et ginn ONGen, déi dat kritiséieren. Op där anerer Säit, wann een awer kuckt bei Konventiounen, déi ee wëllt ofschléissen, wéi laang datt dat dauert, wéi schwéierfälleg dat ass, fir esouer op d'Schinn ze kréien, da kann ee soen, datt vläicht esou déi Partnerschafte vum Typ II vill méi effizient herno sinn an datt een déiselwecht Ziler domat kann erreechen.

Vläicht ee Bilan, dee méi spezifesch elo fir Lëtzebuerg ass, deen een och kuerz kann erwähnen, datt ass deen, wéi d'Aarbecht dohanne war, besonnesch zesumme mat den ONGen, mat de Vertrieder vu verschiddenen ONGen, déi mer mathaten, respektiv och mat engem Member vun der Chamber hei.

Ech muss soen, datt dee Bilan ganz exzellent ass. Mer haten eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat de Vertrieder vun deenen zwou Ëmwelt-ONGen, respektiv och mat der Vertriederin vun den ONGen aus dem Kooperatiounsberäich. Mir hate ganz vill Echangen, a si konnten eis och eng Rei Saache mat op de Wee gi fir an d'Verhandlungen. Dat ass sécher ee Wee, dee mer och solle versichen, bei aneren nationale Konferenzen anzeschloen.

Wéi geet et elo weider no Johannesburg? Net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee och international. Et ass nämlech kloer, wa mir d'Suitë kucke vun Johannesburg, mer wësse mussen, datt dat net nëmmen eppes ass, wat mir hei zu Lëtzebuerg kënne maachen, mee besonnesch och am europäesche Ëmfeld.

Mir mussen also kucken, wéi setze mir deen Aktiounsplang, deen décidéiert ginn ass, ëm. Ech hat scho gesot iwwert déi Partnerschafte vum Type II ënner anerem. Ech wëll net ausschléissen, datt nach nei Konventioune géifen ofgeschloss ginn. Besonnesch um Niveau vun der EU wäert sécher nach déi eng oder aner Direktiv an deem Beräich kommen. Net méi spéit wéi dësen Donneschdeg wäerte mir am EU-Ministeschconseil vun den Ëmweltministeren eng Deklaratioun guttheeschen, wou dann déi verschidden Ziler nach eng Kéier rappeléiert ginn, respektiv d'Instrumenter, déi een do wëllt gebrauchen.

An där Deklaratioun wäert ënner anerem Rieds goe vun der Noutwendegkeet vun Indicateuren, Indicateuren, déi mir jo hei zu Lëtzebuerg scho fir eis ausgeschafft hunn, déi mir da vläicht musse mat deenen europäeschen nach e bëssen iwwerenee schalten. Eng Konklusioun kann een op alle Fall maachen no Johannesburg, wat Lëtzebuerg ubelaangt: Et ass net, dass mir mat engem Schock vu Johannesburg heemkomm sinn an op eemol festgestallt hunn, datt hei nach net vill geschitt wier. Au contraire, et war éischter eng Confirmatioun fir eis, datt mir awer hei zu Lëtzebuerg scho ganz vill vun den Hausaufgabe gemaach hunn, datt mir effektiv de Prinzip "global denken, lokal handelen" hei zu Lëtzebuerg lues an lues op d'Schinne kréien.

E puer Beispiller kéint een hei zitéieren - ech hat déi schonn de 4. Juli ernimmt, wéi den Débat d'orientation iwwert d'Nohaltegkeet war -, ënner anerem an deem ganze Beräich erneierbar Energien - wat jo e wichtege Sujet zu Johannesburg war -, hu mir, nodeems mir jo zwou Strategie presentéiert haten, konkret Ëmsetzungen duerno ënnerholl. Mir hu verschidde Subsidieregimer agefouert, ënner anerem, fir datt d'Technologien am Beräich vun erneierbaren Energie kënne gefördert ginn, souwuel um Niveau vun de Gemengen, wéi bei de Privatleit, Leit oder Gemengen, déi erneierbar Energië produzéieren, zum Beispill mat Photovoltaik, kréien e spezielle Präis duerfir. Mir sinn amgaang, e Reglement auszeschaffe fir den Assainissement vun ale Gebaier, fir datt déi kënnen energetesch verbessert ginn.

Am Beräich vun der Biodiversitéit sinn eng Rei Saache gemaach ginn. Mir sinn amgaang d'Habitat-Direktiv ëmzesetzen. Mir hunn de Fonds pour la protection de l'environnement réorientéiert, fir kënne méi aktiv am Naturschutzberäich täteg ze ginn. Net nëmmen am Environnement sinn eng Rei Initiative geholl ginn, mee och an aneren Departementer. Praktesch fachiwwergräifend sinn Aktioune gestart ginn. Ech erënneren nëmmen un dee ganze Projet IVL.

Et ass kloer, datt mir den Débat an de Prozess hei zu Lëtzebuerg nach musse méi strukturéieren. Mir hunn domadder ugefaang. Mir hunn d'Indicateuren erstallt. Déi mussen elo regelméisseg aktualiséiert ginn a mat deene vun der EU ofgestëmmt ginn. Den Nohaltegkeetsplang vun 1999 muss ee frësch op de Leescht huelen. Ech wëll awer do rappeléieren, datt mir eréischt virun dräi Méint dee fir déi éischte Kéier hei an der Chamber diskutéiert hunn, datt also elo déi Aarbecht da weidergeet.

Opgrond vun enger Motioun ass d'Regierung beoptraagt ginn, fir e Gesetzesprojet auszeschaffen, fir eng Commission interdépartementale, fir e Conseil supérieur pour le développement durable anzesetzen. Do wéilt ech dem honorabelen Här Deputéierte Garcia soen, datt et zwar ganz flott ass, wann hien eng Initiativ do wëllt huelen, mee d'Regierung ass amgaang dee Projet auszeschaffen. E wäert deemnächst vum Regierungsrot ofgeseent ginn. Dee Punkt gëtt dann ëmgesat.

***(Interruption)***

Sou wäit zu dem Deel Environnement. Den Här Minister Goerens schwätzt zum Deel vun der Kooperatioun. Ech soen Iech merci!

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Minister Charel Goerens.

**M. Charles Goerens,** *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Här Alex Bodry merci fir déi ganz sachlech Aféierung an dës Thematik, grad wéi deene Riedner, déi sech duerno der Diskussioun hei ugeschloss hunn.

Déi allgemeng Impressioun, déi een huet, wann ee se héieren huet - dat hate mir schonn an der Kommissioun erfuer wéi mir selwer aus eiser Siicht d'Resultater vu Johannesbuerg beliicht hunn -, ass, dass eng gewëss Ernüchterung agetrueden ass. Ech hunn deemools effektiv gesot, wann ee mat Erwaardungen a Südafrika gaang ass, et géif en alles do an d'Rei maachen, da war an ass een zimlech blauäugeg. Bei där Meenung bleiwen ech nach. Esou vill däerf ee vun enger grousser Konferenz net erwaarden, well dat ass einfach net dran. Et muss een déi Konferenz do an de Kontext vun enger Serie vun anere Konferenze setzen, zum Beispill: déi vun der Bekämpfung vum Rassismus, déi vum Welthandel, déi d'lescht Joer zu Doha ëm dës Zäit ugelaf ass, grad wéi déi zu Monterey iwwert d'Finanzéierung vun der Entwécklungshëllef. All Konferenz huet hir eege Logik entwéckelt an hir eegen Thematik. Dëst war eng Konferenz, déi praktesch dat Ganzt erfaasst huet.

Wa mir an der Zäit vun der Globalisatioun sollen Äntwerte fannen op déi Globalisatioun, da kënne mir eis net ëmmer nëmme virun ofgi mat Deelaspekter a mat Deeläntwerten. Esou muss ee wéinstens deenen zegutthalen, déi fir eng breet Erfaassung vun den Thematike plädéiert hunn, datt se awer d'Ambitioun haten, fir Äntwerten ze formuléieren op déi Ongerechtegkeeten an Ongereimtheeten, déi vun der Globalisatioun ausginn. D'Bekämpfung vun der Aarmutt, d'Bekämpfung vun der Ënnerentwécklung, d'Bekämpfung vun der Degradatioun vun der Ëmwelt an Drénglechkeet an de Rapporten tëschent den aarmen an de räiche Länner, dat waren am Fong d'Ausgangsdiskussiounspunkten vun där Konferenz.

Am Laf vun de Virbereedungsversammlungen huet sech erausgeschielt, datt ee sech op fënnef Punkte konzentréiere soll: Waasser, Energie, Santé, Agriculture, Biodiversitéit. Déi Aspekter, déi méi Bezuch op d'Ëmwelt hunn, déi huet den Här Berger behandelt.

Ech muss aus menger Siicht soen, dass net genuch diskutéiert ginn ass iwwert de Rôle vun der Fra an der drëtter Welt. Ouni d'Fra mécht een do näischt. D'Fra ass de Pivot vun der Ekonomie, vun der Edukatioun, vun der Formation professionnelle a vun der Économie informelle, do wou den Agank an déi richteg Ekonomie net méiglech ass.

Et ass net genuch geschwat ginn iwwert de Sida, dee sech zu 90% an Afrika erëmfënnt, an an deene Länner wéi d'Malawi, wou bis zu 40% vu senger Bevölkerung betraff sinn. Do kann ee vun Nohaltegkeet am Fong iwwerhaapt net méi schwätzen, well dat Land huet schonn op grousse Strecke seng Regenerationskraaft verluer. Déi Thematik ass do, a mengen Aen, e bëssen ze kuerz komm.

Ech mengen, et muss een awer soen, datt d'Zilsetzunge vläicht a sech schonn ze bescheide sinn, well wann ee seet, mir versichen d'Aarmutt bis 2015 ëm 50% ze reduzéieren, dann ass dat a sech schonn en Échec. Firwat se dann net ganz reduzéieren? Ech hunn d'Geleeënheet gehat a menger Ried a Südafrika ze soen: Wann all Land géing 0,7% vu sengem Bruttoinlandprodukt an d'Kooperatiounspolitik investéieren, dann hätte mir jiddefalls, wat d'Suen ubelaangt, genuch Mëttelen, fir d'Aarmutt net nëmmen ëm 50% ze éradiquéieren bis 2015, mee ganz ze éradiquéieren. Dat ass elo en terrible Raccourci, deen ech hei maachen, mee jiddefalls, reng op déi finanziell Mëttele beschränkt, ass dat do net falsch.

Esou gesinn huet Lëtzebuerg awer - an dat ass e Mérite, och vun deene Regierunge virdrun, deen ech ganz kloer unerkennen - seng Hausaufgabe gemaach a gesot: Mir ginn eis d'Méiglechkeet fir linéaire op deen Niveau ze kommen, dee mir am Joer 2000 brauchen, fir dem Engagement aus de 70er Joren, nämlech deenen 0,7%, gerecht ze ginn. Dat ass awer eppes, dat kënne mir, ouni elo an en Ufall vu Bretzerei ze verfalen, Lëtzebuerg zegutt schreiwen.

Zu Rio ass eppes annoncéiert ginn, an ech géing dat net mat lénks einfach hei esou ewechwëschen, well wann all Land dat do gemaach hätt, hätte mir haut wierklech all déi Moyenen, déi mir bräichten, fir dem Koffi Annan seng "Millenium development goals" net nëmmen ze realiséieren, mee mir kënnten am Fong duebel esou grouss gesi wéi hien et am Joer 2000 gesinn huet.

Eppes, wat een och muss soen, egal wéi enttäuschend déi Resultater fir deen een oder anere sinn, de Multilateralismus ass net bue de gaang op där Konferenz. Mir sinn an enger Rei vu Joren, wou de Multilateralismus bekämpft gëtt. Et ass hei ganz vill iwwert d'Vereenegt State geschwat ginn, a wou ech an enger Partie Commentaire selwer d'Geleeënheet gehat, fir ze soen: Et ass net gutt, wann een dem Multilateralismus keng Chance gëtt. Wann een unilateral virgeet, da kréie mir précisément déi Gouvernance net, déi mir bräichten, fir d'Problemer an der Globalisatioun esou unzepaken an d'Äntwerten esou ze formuléieren, datt jiddferee ka säi Pefferkär bäileeën.

Dat war a Südafrika précisément de Fall. De Reige vun all deenen, déi sech do um Riednerpult ofgeléist hunn, déi an deene verschiddene Groupes de travail present waren, ass awer och den Ausdrock, datt all Land, egal wéi kleng, datt et ass, wéinstens d'Recht huet, fir seng Desideratae zum Ausdrock ze bréngen. Ech fannen, dat ass eppes, dat däerfe mir net aus de A verléieren, well Länner wéi Groussbritannien, Frankräich an Däitschland si souwisou ëmmer beim G7 oder G8 derbäi.

Lëtzebuerg ass an deenen dote Foren net present, sou datt mir, egal wéi enttäuschend d'Resultater sinn, keen Intérêt drun hunn, fir ze soen, loosse mir esou eppes net méi halen, well da si mir iwwerhaapt net méi dobäi.

Här President, ech mengen, datt d'Konferenz a Südafrika eng Partie Schwächen opgezeechent huet am Kader vun den internationalen Décisiounsmechanismen. Et geet bei der Analys un. Ech hat selwer d'Geleeënheet mam Här Diouf ze schwätzen, deen den Direkter ass vun der FAO. Mir hunn iwwert d'Impakter vun der europäescher Politik op d'Situatioun an den Entwécklungslänner geschwat. Ech hunn dunn op eemol am Laf vum Gespréich gefrot, ob si da schonn eng Expertise oder eng Evaluatioun gemaach hunn iwwert dem Franz Fischler seng Virschléi, fir d'Agrarpolitik ze reforméieren.

Hien huet missen zouginn, datt si déi Analys nach net gemaach hätten. Ech sot: Wann Dir, mat Ärer Autoritéit a mat deene Pouvoiren, mat deenen Dir investéiert sidd, dat net maacht, da feelt eis do en integrale Bestanddeel, fir virunzekommen. Wann Dir déi Analys do net maacht, da musse mir einfach déi verschidden Thesen, déi do opgestallt ginn, unenee reien an da kënne mir ni eppes Kohärentes erauskréien. Dat ass ze bedaueren.

Meng Analys ass déi, datt d'europäesch Agrarpolitik, wéi se elo fonctionnéiert, net nëmmen e Problem ass fir d'Länner am Süden, mee si mécht souwuel d'Baueren am Norde vum Globus futti, wéi och am Süden. Et misst an där Hisiicht de fond en comble ëmgeduecht ginn.

Wat d'Kohärenz vun de Politiken ubelaangt, do wëll ech kuerz op dat agoen, Här President, wat hei zitéiert ginn ass aus engem Artikel, deen an der WOXX de leschte Freideg war, wou sech beruff gëtt op eng Table ronde. Ech mengen, et ass e Secret de polichinelle, datt mir an engem Land sinn, wou et ëm entgéintgesaten Interesse geet. Déi Interesse spigelen sech an der Gesellschaft erëm a si spigelen sech am gesellschaftspolitesche Dialog erëm. Eis Gesellschaft ass och esou organiséiert an deem, wat mir d'Société civile nennen, a Syndicater, déi d'Leit, déi schaffen, vertrieden, an a Syndicater, déi d'Leit, déi d'Kapital stellen, vertrieden. Dat Land hei huet ëmmer versicht sech déi Strukturen ze ginn, fir déi Interessekonflikten ze diskutéieren an ze kucken aus deene gesamte Positiounen eppes Kohärentes ervirzebréngen. Dat nenne mir allgemeng de Modell Lëtzebuerg.

Dat huet sech bis elo an der Regel ëmmer bezunn op wirtschaftlech a sozial Froen, déi - an do huet den Här Bodry Recht gehat - absolut hir Plaz hunn am Débat iwwert d'Nohaltegkeet, well d'Nohaltegkeet huet dräi Dimensiounen: eng wirtschaftlech, eng sozial an eng ekologesch. Déi Interessekonflikter an déi Interessegéigesätz ginn och an dësem Parlament gedroen. De Problem ass just deen, dass wann se ze vill korporatistesch Konturen unhuelen, da fänkt et un, gefëierlech ze ginn, wann een dat net méi gemeeschtert kritt. Duerfir muss een am Kader vun der Nohaltegkeet sech déi Strukture ginn, déi am beschten am Stand sinn déi Interessegéigesätz ze transzendéieren a Richtung Gestaltung vun enger nohalteger Politik.

Ech wéisst och gären, wat déi bescht Agrarpolitik fir d'Zukunft ass. Ech wéisst och gären, wéi mir eis kënnen d'Wuert ginn, fir iwwert d'Jorzéngten eraus déi responsabelst Investitiounspolitik ze maachen. Ech wéisst och gären, wéi mir am beschte kënnten hei am Land zesumme liewen an zesumme wunnen, ouni datt dat Land zu engem Stadstat degeneréiert, an ouni datt dat Land hei déi kritesch Mass distilléiert, déi kann exploitéiert ginn an déi eventuell kënnt - dat hunn ech schonn eng Kéier hei an der Chamber gesot - a Blutt- und Bodendiscours ausaarten.

Mir sinn eis alleguer schëlleg, fir eis déi néideg Strukturen ze ginn. Mir sinn an der Regierung amgaang iwwert déi beschtméiglechst Äntwert op déi doten Eraus-

fuerderung ze diskutéieren. Den Här Berger huet eenzel Elementer hei geliwwert. Ech hat deemools iwwregens an deem Débat, iwwert deen de WOXX bericht huet, de Qualificatif vun Emmerdeur municipal gebraucht. Dat ass eppes, dat sinn ech bei de René Dumont léine gaangen. Dat war en Zitat, dat sinn ech dem Auteur schëlleg ze soen. Hie wollt am Fong domat soen, dass een duerch d'Kontestatioun d'Problematike besser diskutéiere kann a besser Impulser gi kann, fir se ze léisen. Dat just als Erklärung dozou.

Ech mengen, mir stinn um Virowend vu gréissere Changementer, souwuel um globale Plang, wéi um europäesche Plang, wéi um nationale Plang. Meng Preferenz, dat soen ech ganz kloer, an et ass mat där Debatt, wou ech an d'öffentlech Diskussioun eraginn an och d'Regierung, datt de Gremium, dee sech soll iwwer Nohaltegkeet Gedanke maachen, a senger Reflexioun soll ganz independent sinn. Hie misst am Fong kënnen horizontal awierken op déi eenzel Departementer. Esou gesinn, mengen ech, wier et eng eemoleg Chance, wa mir de Prinzip vun der Neutralitéit kéinten an deem Gremium, deen nach ze schafen ass an iwwert dee mir schonn diskutéiert hunn, a wou d'Diskussioun och nach weider geet, esou hikréien. Ech mengen, mir wieren deenen, déi duerno kommen, dat schëlleg.

Esou gesinn, Här President, ass Südafrika net eppes ausschliesslech Negatives. Par acquis de conscience huet een et misse maachen, och wann net jiddferee kann déi Resultater als eng grouss Errungenschaft duerstellen. Et muss een awer gesinn, wat ënnert dem Impuls vun der UNO an de leschten zéng Joer geschitt ass. Dat ass wierklech net wéineg.

Et ass och net vun ongeféier, datt deen, deen d'Impulser gëtt, d'lescht Joer de Friddensnobelpräis kritt huet. Ech mengen, wann déi Ambitiounen, déi de Koffi Annan, als Generalsekretär vun der UNO, an déi verschidden Impulser agekleet huet, net ëmmer zum Droe kommen, ass et och well mir him, kollektiv gesinn, net d'Moyene ginn, fir ze réusséieren.

Mir musse selbstverständlech hei eis Hausaufgaben esou gutt wéi méiglech maachen. Et ass am Fong à la fin du compte en Effort vu Solidaritéit vis-à-vis vun de Leit, déi hei am Land liewen a vis-à-vis vun den nächste Generatiounen. Ech verweisen nach eng Kéier op eppes, wat aus dem leschte Rapport annuel vum Programme des Nations Unis pour le développement ervirgeet a wat net onninteressant ass, an zwar fir ze beweisen, dass d'Solidaritéit indivisible ass:

Déi Länner, déi am meeschten an d'Entwécklungspolitik investéieren, sinn och komëscherweis déi, déi bei sech doheem deen niddregsten Taux de précarité hunn. Et ass also keng Alternativ, wann ee Gelder an d'Entwécklungspolitik an Efforten an d'Entwécklungspolitik investéiert, zu den Äntworten, déi ee muss national bei sech doheem formuléieren. Et ass net alternativ dozou ze gesinn. Et ass net dat eent oder dat anert. Et ass dat eent an dat anert.

Ech soen all deene Riedner nach eng Kéier merci, déi sech hei un dëser Debatt bedeelegt hunn, a wënsche mir, datt mir an deene Grondfroen do esou séier wéi méiglech virukommen. Merci.

**M. le Président**.- Dëse Punkt ass domat ofgeschloss. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4731 iwwert d'Schafung vun engem Etablissement public mam Numm "Salle de concerts Grande-Duchesse Joséphine Charlotte". Et hu sech schonn ageschriwwen d'Mme Delvaux, d'Mme Beissel an déi Häre Greisen a Garcia. Am Numm vum Här Claude Wiseler presentéiert Iech elo d'Mme Nelly Stein de Rapport vum Projet de loi. D'Mme Stein huet d'Wuert.

## 10. 4731 - Projet de loi portant création d'un établissement public nommé "Salle de concerts Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte"

***Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture***

**Mme Nelly Stein** *(CSV)*, *rapportrice en remplacement* de **M. Claude Wiseler** *(CSV)*, *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt fir d'éischt mäi Fraktiounskolleeg Claude Wiseler entschëllegen, de Rapporteur vun dësem Projet de loi. Hie ka säi mëndleche Rapport net virdroen, well hien am Ausland ass. Merci dem Claude Wiseler fir säin exzellente schréftleche Rapport. Mir sinn dat jo net aneschters vun him gewinnt. Hien huet mech, als Presidentin vun der Kommissioun, beoptraagt, dee mëndleche Rapport ze maachen. Et bleift, elo just ze hoffen, datt ech dëser Charge ka gerecht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Dispositif vum virleiende Gesetzesprojet fanne mir eng Panoplie vu Manifestatiounen, déi den zukünftege Concertssall "Grande-Duchesse Joséphine Charlotte" wëllt organiséieren. Niewent de Prouwen a Concerte vum Orchestre philharmonique sinn dat aner Manifestatiounen, kulturreller, wéi pedagogescher Natur, déi sech iwwerwiegend op d'Realisatioun, den Enregistrement an d'Iwwerdroe vu Musekspektaaklen konzentréieren. Duerfir muss déi noutwenneg héichwäerteg a modernsten Technik gemeeschtert a géréiert ginn. Doriwwer eraus fannen awer nach aner grouss Manifestatioune statt, déi vill Publikum wäerten unzéien. En Deel vum Gebai ass fir d'Restauratioun virgesinn.

Aus dëse Missioune geet ganz kloer ervir, datt de Concertssall eng adequat Gestioun brauch, fir den Erwaardungen op nationalem, wéi op internationalem Plang gerecht ze ginn. Entscheedend fir eng gutt Gestioun ass un alleréischter Stell eng gutt Sachkenntnis a Saache Kultur, virun allem Musek. D'Programmatioun däerf sech net nëmmen op d'Klassik beschränken, mee verschidde Stiler mat abannen, ausgoend vun der Klassik bis bei Folklor, Weltmusek, zäitgenössesch wéi avantgardistesch Produktiounen. Mee och um Niveau vun der Organisatioun vu groussen, héichklassesche Spektakelen ass eng zolidd Experienz erfuerdert. Nëmmen esou ass et méiglech de Concertssall um Kierchbierg iwwert d'Grenzen eraus bekannt ze maachen. Ech denken do ganz speziell iwwert d'Grenze vun der Groussregioun.

Den Etablissement public, dee sech dëse Missioune muss unhuelen, huet also eng zolidd Aarbecht viru sech, mee et ass eng Aarbecht, déi vielfälteg a facettëräich ass. D'Missioune vum Etablissement public loosse sech grosso modo an zwou Kategorien andeelen. Éischtens soll en dem Bauhär berodend zur Säit stoen an d'Aktivitéiten organiséieren. Zum anere soll déi ganz Gestioun vum Concertssall ofgeséchert ginn, andeems déi programmatesch a kulturell Schwéierpunkte respektéiert ginn.

Fir dëst ze garantéieren, gëtt eng Struktur gebraucht, déi flexibel ass an déi en héije Grad un Autonomie huet. Mat der Mataarbecht vun der Billetterie centrale an dem Service de programmation culturelle muss de Etablissement public seng kulturell Saison plangen. Datt dat keng einfach Aufgab ass, gëtt däitlech, wann ee sech déi 200 Manifestatioune virstellt, déi no de Schätzunge vum Architekten- an dem Programmateursbüro virgesi sinn. Dorënner falen ënner anerem 60 grouss symphonesch Concerten, 60 Concerte vu Kammerorchesteren a Récitalen, 20 Jazzconcerten, souwéi 20 Concerte vun zäitgenössescher Musek. Doriwwer eraus ass den Etablissement public chargéiert fir Séminairen, Konferenzen, Coursen a kulturell Begéinungen ze organiséieren.

De Budget beleeft sech op ongefeier néng Milliounen Euro op der Dépensësäit, an 3,5 Milliounen Euro op der Säit vun de Recetten. Dëse Betrag deckt déi Käschten, déi de Sall fonctionnéieren doen, dat heescht, d'Gestioun an den Erhalt vun den Infrastrukturen, d'Lokatioun vum Material, d'Personalkäschte fir 25 Mann, d'Publicitéit, d'Formatioun an déi audiovisuell Produktioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech zum Commentaire des articles kommen, wëll ech ganz kuerz op d'Virgeschicht vum Projet agoen. De 4. Dezember 2000 huet d'Mme Erna Hennicot-Schoepges, Minister fir Kultur, Héichschoulwiesen a Fuerschung, de Projet an der Chamber deponéiert. Den 30. Abrëll 2002 huet de Statsrot säin éischten Avis ofginn. An der Kommissiounssëtzung vum 25. Juni ass de Rapporteur an der Persoun vum Claude Wiseler designéiert ginn, de Projet analyséiert an den Avis vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl ginn. De 26. Juni huet d'Kommissioun eng Rei Amendementer gemaach an de Statsrot opgefuerdert en zousätzlechen Avis ofzeginn. Dësen Avis koum de 24. September 2002. An der Kommissiounssëtzung vum 9. Oktober konnt dunn de Rapport ugeholl ginn.

De Projet ass am selwechte Joer deponéiert gi wéi de Projet iwwert de Etablissement public vun der Abbaye vun Neumünster. D'Regierung hat sech deemools de Bemierkunge vum Statsrot iwwert dëse Projet ugeschloss. An der Réunioun vum 25. Juni 2002 huet d'Regierung kloergestallt, datt si datselwecht bei dësem Projet géif maachen, mat Ausnahm vum Artikel 2. An der Sëtzung vum 24. September 2002 huet de Statsrot, déi vun der Kommissioun zréckbehalen Amendementer, ugeholl. Ech wéilt e puer Punkten aus dem Commentaire des articles erausheulen. Fir de Rescht géif ech op de schréftleche Rapport verweisen.

Den Artikel 2 leet d'Missioune vum Etablissement public fest an domadder ass dësen Artikel de wichtegsten am ganze Gesetzesprojet. Am éischten Alinéa gëtt folgend Missioun erwähnt: „Conseiller le maître de l'ouvrage et organiser la préfiguration des activités futures de la salle de concerts“. De Statsrot huet virgeschloen, déi éischt Missioun erauszehuelen, well et nëmmen temporaire ass. Déi zweet Missioun wier souwisou déi, déi den Etablissement public als definitiv Missioun hätt. D'Regierung hält awer den initialen Text gäre bäi, fir gewëssen Onklorheeten ze vermeiden a verweist op déi Experienzen, déi sech beim nationale Kultur- a Sportszentrum erginn hunn.

De Statsrot hat doriwwer eraus Schwieregkeete mam Wuert "subsidiaire" am zweeten Alinéa, well den Term näischt Wesentleches zur Erklärung vum éischten Alinéa géif bäidroen. D'Kommissioun ass net där Meenung an huet un dem Text festgehalen.

Den Artikel 3 betrëfft d'Zesummesetzung vum Verwaltungsrot. Den initialen Text hat nëmmen d'Definitioun vu véier Membere virgesinn. De Statsrot hätt awer gären déi aner fënnef Memberen definéiert. D'Regierung huet den Text iwwerschafft a sech dobäi um Neumünster-Text orientéiert. De Statsrot huet drop bestanen eng Dispositioun an den Artikel 3 ze setzen, déi d'Incompatibilitéit tëschent deene vum Stat delegéierten Administrateuren, vum Gestionnaire vum Etablissement public a vum Contrôleur oder Surveillant vum Etablissement, festleet. D'Kommissioun huet en Text proposéiert, dee sech un déi Dispositiounen aus dem Neumünster-Gesetz orientéiert, an deen och zréckbehale gouf. Déi redaktionell Ännerungen am Artikel 3 si vun der Kommissioun ugeholl ginn.

Elo iwwersprangen ech e puer Artikelen, fir zum Artikel 7 ze kommen, iwwert d'Konte vum Etablissement public. Do huet de Statsrot, ausser e puer redaktionelle Modifikatiounen, e fënnefte Paragraph virgeschloen, deen d'Kontroll duerch d'Cour des Comptes vun de staatleche finanzielle Bedeelegunge festleet.

***(Interruptions diverses)***

Ech maachen de Rapport vun der Kommissioun. An der Kommissioun huet keen dat gefrot, also konnt ech elo net dorobber agoen. Dësen Text ass vun der Kommissioun guttgeheescht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, den Text, dee mir hei zur Ofstëmmung virleien hunn, huet an der zoustänneger Kommissioun zu kenge gréisseren Ausernanersetzunge geféiert, wann iwwerhaapt. Duerch de Vote vun dësem Text kann d'Mme Minister Hennicot-Schoepges de Conseil d'administration ernennen, deen doropshi seng Aarbecht kann ophuelen. Ech bieden lech, duerfir dëse Gesetzestext ze stëmmen. Am Numm vu menger Fraktioun ginn ech den Accord zu dësem Projet. Ech soen all deene Leit merci fir déi spierbar Opmierksaamkeet. Merci.

***(Hilarité)***

**M. le President**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass d'Mme Mady Delvaux-Stehres agedroen. D'Mme Delvaux huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Mady Delvaux-Stehres** *(LSAP)*.- Merci, Här President. Ech probéieren, den Niveau vun eiser Presidentin ze halen, déi hei d'Spannung vun der ganzer Chamber op sech gezunn huet, wéi se de Rapport vum Här Wiseler presentéiert huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Dezember 2000 huet dës Chamber d'Gesetz gestëmmt, wat eng Autorisatioun ginn huet, fir de Concertssall ze bauen. D'sozialistesch Fraktioun huet dat Gesetz gestëmmt. Mir hunn deemools plädéiert, datt sollt en Etablissement public geschafe gi fir d'Gestioun vun där Salle de concerts. Mir ware fir dee Projet, well mir der Meenung waren, datt et wichteg wär, datt den Orchestre philharmonique géif eng dezent Plaz fannen, gutt Aarbechtskonditiounen an eng prestigieuse salle, fir déi Concerten ofzehalen, an datt et awer och wichteg wär, datt niewent dem OPL aner Organisateuren eng Plaz géife fannen an dëser Salle de concerts, fir dann d'Musekszen zu Lëtzebuerg op en héijeren Niveau ze bréngen an esou iwwer eist Land eraus ze rayonnéieren a vill Publikum unzezéien.

Et ass also nëmme konsequent a logesch, wa mir Jo soen zu dësem Projet de loi, wat elo den Etablissement public schaaft.

Ech muss awer soen, Här President - ech weess net u wien ech mech direkt soll adresséieren -, dass d'Majoritéit, d'Regierung, de Ministère an d'Ministesch vun der Kultur eis et eigentlech schwéier maachen, fir dat Gesetz mat Begeeschterung ze stëmmen. Begeeschterung ass keng do. An dat aus zwou Ursaachen.

***(Interruption)***

Här Strotz, et huet mech Iwwerzeegung kascht a menger Fraktioun.

Dat éischt ass d'Fro vum Établissement public. Zwar schaaft d'Gesetz en Etablissement public - déi Entitéit, déi mir hei schafen, heescht effektiv Etablissement public - mam Argument, dat am Exposé des motifs steet, et wier néideg, déi noutwenneg Autonomie a Flexibilitéit der Gestioun ze ginn, an nëmmen esou kënnt een déi schafen.

Wat d'Flexibilitéit ugeet: Effektiv kritt deen Etablissement public eng gewësse Flexbilitéit, wat d'Leit astellen ugeet, mee mat der Autonomie ass et net esou gutt gestallt. D'Gesetz schaaft eng Fassad vun Autonomie.

En fait ass et jo e virtuellen Etablissement public, deen hei geschafe gëtt. Et kann een am Fong soen, datt d'Vertraue vum Ministère an d'Société civile an an all d'Acteuren um Terrain net riseg grouss ze si schéngt. All d'Vertrieder gi vun der Regierung genannt, außer ee Vertrieder vun der Stad Lëtzebuerg. Et si keng Vertrieder vun den Usageren dran, vun deene Leit, déi sollen dohinner kommen. Et si keng Vertrieder vum Personal am Conseil d'administration, wat ech géif normal fannen an engem autonomen Etablissement. Dësen Etablissement public ass eigentlech e verlängerten Aarm vum Ministère. Véier Vertrieder si vum Ministère vun der Kultur dran an dann nach ee Vertrieder vum Budget.

Domat gëtt nach eng zweet Fiktioun opgebaut, déi mir elo no Neumünster och wahrscheinlech an dësem Etablissement public erëmfannen. De Conseil d'Etat huet jo drop higewisen, an dat zu Recht, dass et misst eng Incompatibilitéit ginn zwëschent de Vertrieder vun engem Ministère, déi als Administrateurs an engem Conseil sëtzen, an op där anerer Säit eng Missioun als Kontrolleuren a Surveillanten hu vun deemselwechten Etablissement public. Dat schéngt engem jo logesch. D'Majoritéit huet dësen Text vum Conseil d'Etat ugeholl. Et steet also kloer am Text. Et kann een net als Vertrieder vum Ministère am Conseil sëtzen an zur gläicher Zäit datselwecht Etablissement kontrolléieren.

Mee, wéi gëtt dat an der Praxis gehandhabt? Dat heescht den éischten, den zweeten, den drëtten oder vläicht och déi véier Conseillers de Gouvernement, déi genannt ginn, si jo selbstverständlech nach ëmmer am Ministère. Si hunn da keng Ënnerschréft méi, wat den Etablissement public ugeet. Déi Délégation de signature ass hinnen ewechgeholl ginn, wat zur Konsequenz huet, datt se dee Bréif, dee se awer wahrscheinlech geschriwwen hunn, der Ministesch virleeën, fir datt si en ënnerschreift.

Ech mengen, dass dat eng Konstruktioun ass, déi wuel d'Fassad vun der Incompatibilitéit oprecht erhält, mee awer an der Praxis net ganz déif geet. Elo kënne mir soen: Et gëtt awer net méi Leit am Ministère, mir hunn net genuch Leit. Mee, ech mengen, wann ee wëllt eng ambitiéis Politik hunn - an ech erkennen der Ministesch un, dass si déi huet, dass si grouss Ambitioune fir d'Kultur zu Lëtzebuerg huet -, da muss ee sech natierlech d'Moyene vun där Politik ginn.

Den zweete Punkt, an deen huet eigentlech näischt direkt mam Gesetzestext ze dinn, mee deen huet mat der Fiche financière ze dinn, déi bei dësem Projet de loi dobäiläit. Déi Fiche financière ass vum Dezember 2000. Si ass net à jour gesat ginn. Mir wëssen also net, contrairement zu deem, wat d'Mme Stein hei am Numm vum

Här Rapporteur gesot huet, wéivill deen Etablissement public dëst Joer géif kaschten, net ze schwätzen dovunner, wat en am Joer 2005 soll kaschten, wa jo d'Ouverture vun deem Haus ass.

Mee souguer, wa mir d'Chiffere vum Joer 2000 kucken, da kann een awer skeptesch doriwwer sinn, wéi vraisemblabel déi Chiffere hei sinn. D'Dépensë ginn, wéi gesot, néng Milliounen Euro héich. Ech kann et net genau aschätzen, mee wann ech dat richteg verstinn, da sinn dat nëmme Fonctionnementskäschten, dann ass jo nach kee Concert kaaft, well et muss ee jo nach déi Produktiounen akafe goen, déi sollen an deem Haus stattfannen. Vun deene 25 Leit, déi sollen am Etablissement public schaffen, wär et interessant ze wëssen, wéivill Leit fir d'Administratioun sinn a wéivill Leit vun der Technik gebraucht ginn, fir esou e sophistiquéiert Haus fonctionnéieren ze dinn.

Wat dann d'Recetten ugeet, do muss ech awer éierlech soen, hunn ech déi gréisst Bedenken. Elo gëtt do gesot dräi Milliounen Euro Recetten, hypothetesch am Joer 2000. Déi baséieren drop, datt sollen 200 Concerten an deem Sall stattfannen. Ech muss soen, ech perséinlech fannen dat der enorm vill. 200 Concerten, dat ass vill, well derniewent gëtt et jo nach Aktivitéiten an aneren Infrastrukturen hei am Land. Dat ass jo net fir de Bedarf vum ganze Land, obschonn am Exposé des motifs ginn allméiglech Organisateuren opgezielt, déi kéinte vun där Salle de concerts profitéieren.

Do liest een dann déi méi traditionell Organisateuren, awer och all Festivalen hei am Land. Här Scheuer, lauschtert gutt no, souguer de Festival vun Iechternach gëtt do zitéiert, an, wat mech beréiert huet, souguer de Cercle symphonique vu Rëmeleng. Ech ka mir jo awer net virstellen, dass déi alleguerten op de Kierchbierg hir Concerten hale kommen. Ech mengen, dass déi awer drop halen, dass nach an der Regioun - an ech schwätzen hei am Numm vun all de Buergermeeschteren, déi fir dezentraliséiert Aktivitéiten antrieden -, nach am Rescht vum Land solle Manifestatioune stattfannen. Et ka jo net esou sinn, dass déi da keng Subside méi kréien an alleguerte mussen op de Kierchbierg hir Manifestatiounen hale goen.

***(Brouhaha général)***

Et bleiwen also déi grouss traditionell Concertsorganisateuren, wéi den OPL selwer, d'Solistes européens an d'Soirées du Luxembourg, déi vun där Offer hei Notzen zéien. Mee do stellen ech dann awer eng Fro: An de Recettë vum Etablissement public sinn d'Recettë vun de Plazen agedroen, déi verkaaft ginn, dat heescht, wann e Concert ass, gëtt geschat wéivill Leit dohinner kommen, de Billjee gëtt mat 1.000 Frang an der Moyenne gerechent - ech weess net, ob dat esou wäert sinn - an da gëtt do eng Recette agesat fir d'Haus. Mir wëssen awer, dass de Moment den OPL, d'Solistes européens an d'Soirées du Luxembourg, hir Abonnementer selwer verkafen an déi Recetten halen. Dat heescht, et ka jo net sinn, dass déi Recetten zweemol agedroe ginn, eng Kéier beim Etablissement public an nach eng Kéier beim Organisateur. Wa si awer net beim Organisateur agedroe ginn, dann huet dee jo keng Recettë méi. Loosse mir soen hien huet keng Recettë méi an da geet e jo wahrscheinlech erëm Subside froe bei de Ministère oder bei d'Gemengen.

Wann hien d'Recetten afreet, muss hie logescherweis Loyer bezuelen am Etablissement public. An do muss ech soen, déi Loyeren: fir de grousse Sall 500.000 Frang den Owend, fir de klenge Sall 180.000 Frang den Owend, do mussen natierlech vill Recetten erakommen, fir dass dat ze finanzéieren ass, oder, wéi gesot, muss de Stat d'Subsidemanna erëm weider opmaachen, fir dass dat dote ka finanzéiert ginn. Ech hunn do Bedenken, well den OPL steet fir d'nächst Joer am Budget, fir nëmmen dat Beispill ze huelen, mat 10,5 Millioune Subsiden, déi hie soll vum Stat kréien. Wann den OPL fir déi 35 Concerten, déi en elo gëtt, all Kéiers muss 500.000 Frang Loyer bezuelen, da musse mir nach eng Kéier eng hallef Millioun Euro dropleeën an dat aus enger Täsch, well letztlech ass et ëmmer aus dem Statsbudget, wou d'Sue fléissen.

Ech wonnere mech - leschte Punkt zur Finanzéierung -, et ass nach ëmmer virgesinn, dass den Etablissement public soll mat zéng Partner eng Kooperatioun maachen, esou eng Zort Mécénat, wou all Partner 1,5 Millioun Frangen abezilt. Vu dass d'Fiche financière vun 2000 ass, sinn déi Suen nach a Frangen ausgedréckt. Elo hunn ech awer, souwuel d'Kulturministesch, wéi eise Premier an allméiglech Leit héiere sech bekloen d'Mécènë géife rar ginn hei zu Lëtzebuerg, et géif kee méi wëllen eppes bezuelen, sou dass ech mengen, dass déi zéngmol 1,5 Millioun wahrscheinlech net fonnt ginn, fir dat Haus ze finanzéieren.

An anere Wierder, ech sinn der Meenung, dass déi Fiche financière, déi bei dësem Gesetz dobäi läit, net ganz glaubwürdeg ass, dass se net richteg ass. Ech bedaueren dat. Mir géifen dat Gesetz och stëmmen, wann d'Fonctionnementskäschte méi héich wären, mee ech hätt et awer richteg fonnt, wann de Ministère eis crédibel Chiffren heihinner geluegt hätt,an net onkomplett Informatiounen.

Här President, trotz eise Bedenken an trotz de Regreten, iwwert déi net ganz komplett Informatioun zur Finanzéierung, soe mir awer jo zu dësem Gesetz, well mir fir de Prinzip si vun deem Etablissement public, a well mir duerfir sinn, dass den OPL soll a gudde Konditioune seng Aarbecht kënne maachen. Ech soe merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Simone Beissel agedroen. D'Mme Beissel huet d'Wuert.

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ir ech zum Projet de loi selwer kommen, wëll ech dem Rapporteur Claude Wiseler merci soe fir säi gudde schréftleche Rapport an der Mme Stein fir hiren ausféierleche mëndleche Rapport.

D'musikalesch Offer zu Lëtzebuerg ass relativ diversifiéiert. D'Musek u sech ass eng vun de populärste kulturellen Aktivitéiten an eisem Land. Mir hunn eis Conservatoiren. Mir hunn d'Museksschoulen. Mir hu Musekscoursen. Mir wëssen, datt ongefeier 10.000 Schüler sech do dran erëmfannen. Eng Realitéit, déi d'Schafe vun enger Salle de concerts rechtfäertegt, an zwar ënnert dem Statut vun engem flexibelen Etablissement public.

Wa mir u Musek denken, denke mir natierlech un éischter Stell och un den OPL, den Orchestre philharmonique de Luxembourg, de fréiere groussen Orchester vun RTL, deen - ech mengen, et kann een dat ouni Problem esou soen - héich qualifizéierte musikaleschen Ensembel vu Lëtzebuerg. Et läit op der Hand, datt d'Notze vun der "Salle de concerts Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte" fir dësen Orchester, deen topqualitativen Normen entsprécht, vu grousser Wichtegkeet ass. Lëtzebuerg besëtzt zwar eng ganz Rei vu gudde Concertssäll, wéi zum Beispill deen am Escher Theater a wéi deen am stater Conservatoire, mee leider sinn d'Publikumskapassitéiten oft limitéiert. D'Salle de concerts Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte, där hir Organistioun mir hei mat dësem Projet de loi festhalen, soll an dësem Sënn nach besser Méiglechkeete bidden: publikumsméisseg, technesch an akustesch.

Här President, dëse Concertssall soll allerdéngs net exklusiv fir den OPL reservéiert ginn. Schonns beim Projet iwwert de geplangte Bau vum Sall huet d'Commission des Travaux publics op dëse Punkt higewisen. Erlaabt mer en Extrait aus hirem Rapport ze zitéieren: „Toutefois, il va sans dire que l'OPL ne pourra à lui seul garantir un taux d'occupation suffisant pour la nouvelle salle de concerts. Même si l'OPL aura la priorité dans l'utilisation de la salle et y aura son siège ainsi que sa salle de répétition, cela n'exclut pas que d'autres formations puissent s'y produire". Dat ëmsou méi, wéi d'Objektiver vun dësem Concertssall immens ambitiéis sinn an iwwert d'Besoine vum OPL, vum Lëtzebuerger Publikum iwwerhaapt, a souguer vun der Groussregioun, erausginn.

Am Exposé des motifs zur Konstruktioun vum Concertssall huet d'Regierung eendeiteg festgehalen, datt si eng "internationalisation réelle par le biais d'activités musicales internationales multiples d'une qualité susceptible d'attirer un public mélomane universel" ustrieft. A puncto ugestriften Exploitatiounsrentréeën, a fir en eenegermoossen akzeptablen Taux de couverture vun de reelle Fraisen ze kréien, soll d'Salle de concerts viraussiichtlech ëm déi 200 Deeg pro Joer genotzt ginn. D'Lat vun de potenzielle Rentréeën an Aktivitéite gëtt hei ganz héich geluegt. Et ass ze hoffen, datt d'finanziell Héichrechnung an enger gesonder Forchette opgestallt ginn ass.

Fir deem gerecht ze ginn, gesäit de Projet de loi eng breetgefächert Palette vun Aktivitéite vir. Ech zitéieren nach eng Kéier pour mémoire: "A côté des événements musicaux, qui sans aucun doute seront prépondérants de la salle des concerts, l'établissement public est également en charge de l'organisation de séminaires, de conférences, de cours pédagogiques et de rencontres culturelles." Dat also à titre principal.

Subsidiaresch kënnen awer och publikumsträchteg Manifestatioune vun all Zort stattfannen. Dat, mat der Hoffnung, de Sall awer och d'Keess ze fëllen. Déi technesch Ausstattung vum Sall bitt doniewent gutt Konditiounen, fir informatiséiert Produktioune per CD, CD-ROM, Internetzougang oder fir Eurovisiouns- a Mondovisiounstransmissiounen. Eleng schonns aus finanzielle Grënn - et handelt sech jo hei ëm e Projet, deen e ganz grousse Budget brauch, fir kënne funktiounsfäeg ze sinn - ass dës erweidert Notzung, déi zwar eng gewësse Flexibilitéit vun hirem sougenannten Haaptnotzer, dem OPL, erwaart, noutwenneg.

Ech schwätzen hei iwwer méi wéi néng Milliounen Euro Dépensen, Fazit 2000, a viraussiichtlechen 3,5 Millioune Recetten. Dat heescht Ausgaben, déi 2,5-mol méi héich si wéi d'Rentréeën. Dat ass - an ech mengen, do si mir eis all eens - en immensen Défi. Mee, mir sinn dem OPL an anere renomméierten Orchesteren esou en héichgradege Kader mat optimal techneschen Infrastrukture schëlleg, fir datt si hirer Virtuositéit kënne fräie Laf loossen.

Här President, am Interesse vun enger verbesserter kultureller Offer zu Lëtzebuerg a foussent op dem Här Pierre Frieden seng Lieblingsmaxime: „La culture n'a pas de prix, elle n'a qu'un coût", wäert d'Demokratesch Partei dëse Projet stëmmen. Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech all deene Leit merci soen, déi un dësem Projet matgeschafft hunn. Wéi mir am Dezember 2000 de Bau vun där neier Concertshall hei an der Chamber diskutéiert hunn, hat ech d'Geleeënheet am Numm vum ADR, an dat trotz Bedenken, eisen Accord ze ginn, grad esou wéi haut eisen Accord zu dësem Projet.

Ech wëll awer nach eng Kéier eis Iddi widderhuelen an nach eng Kéier drop hiweisen, datt den ADR d'Beméiunge vun der Regierung begréisst, fir déi kulturell Aktivitéiten am musikalesche Beräich heimadder auszebauen. Et bleift an eisen A richteg Steiergelder, fir d'Lëtzebuerger Kultur a Musek auszeginn. Grad esou, wéi beim Projet iwwert den Neibau, stinn am Text vun dësem Projet eng Rei wichteg Motivatiounen, déi eis Ënnerstëtzung fannen.

Esou begréisse mir de Wëlle vun der Regierung, iwwer eist Land eraus ze kucken, wat d'Organisatioun vu musikaleschen Aktivitéiten ubelaangt an déi nei Infrastruktur, fir international a verschiddenaarteg Sparten a Stiler opzemaachen. Eng grouss Bandbreet vun Organisatiounen oder Museksveräiner musse vun dëser neier Arichtung profitéiere kënnen. Eis Musiksstudenten a Museksfrënn mussen hei hirer Konscht nokomme kënnen.

All dëst soll jo duerch dëse Projet organiséiert an ausgefouert ginn, wou et am Résumé ëm d'Schafe vun engem Etablissement public mat finanzieller an administrativer Autonomie geet, ënnert der Iwwerwaachung vum Kulturministère, fir d'Gestioun an d'Bedreiwe vun deem neie Concertssall um Kierchbierg.

Am Artikel 2 ass d'Missioun festgeluegt. Si ass schonn hei am Detail virgestallt ginn, esou datt ech näischt méi brauch dozou ze soen. Eng Bemierkung just, wat déi zäitlech befriste Missioune vum Conseil d'administration ubelaangt ir d'Gebai steet, Conseil d'administration, dee fir d'Berodung, wat déi technesch a musikalesch Ariichtung, d'Installatioun an d'Instrumenter ugeet, muss suergen.

Ech wëll elo un dat negatiivt Beispill vun deenen dräi Rallongë beim Centre commercial...

***(Hilarité)***

..., entschëllegt, beim Centre national um Kierchbierg erënneren. Ech hoffen, datt bei dëse Konte besser opgepasst gëtt.

D'Zesummesetzung vum Conseil d'administration, am Artikel 3, a seng Kompetenzen, am Artikel 4, si schonn hei virgestallt ginn. Besonnesch d'Ernenne vun de Memberen, déi d'Regierung vertrieden, aus de Ministërë vu Kultur a Budget, huet zu verschiddenen Diskussioune gefouert. De Statsrot huet ervirgehuewen, datt d'Funktioune vum Gestionnaire am Conseil d'administration net compatibel si mat der Funktioun vum Kontroller am zoustännege Ministère. D'Fro stellt sech awer, ob et néideg ass, Leit aus de Ministèren an de Conseil d'administration ze nennen, wou dach souwisou d'Regierung d'Soen huet a wou ëmmer erëm Problemer optriede bei der Trennung vun de Kompetenzen. Ech brauch do nëmmen nach eng Kéier un d'Projeten ze erënneren, déi schonn hei genannt gi sinn, wéi de Centre de rencontre Altmünster, de Musée d'art moderne, de Centre national sportif an de Fonds Belval-Ouest.

Zu de Finanze wëll ech dat hei soen: Wann ech mech net ieren, sinn déi jährlech Ausgabe vum Betrib op eppes iwwer néng Milliounen Euro geschat ginn, an dat bei ronn 25 Persounen u Personal. Erakomme sollen eppes iwwer 3,5 Milliounen Euro, duerch d'Akommes vun de Manifestatiounen, d'Opféiere vu Wierker an d'Leeschtung vu Servicer, och duerch d'Lokatioun vun Installatiounen an duerch Spenden. Mir wënschen eis, datt dat esou klappt, hunn awer Bedenken, déi schonn hei gedeelt gi sinn. D'Schätzunge fir d'Funktiounskäschte sinn net um leschte Stand an et ass scho gesot ginn, datt d'Akommes vläicht ze héich geschat ginn ass. Op alle Fall ass virgesinn, datt den décke Rescht, also de Moment 5,5 Milliounen Euro pro Joer, aus dem Statsbudget bezuelt gëtt.

D'Konteféierung nom Artikel 7 entsprécht der kommerzieller Buchféierung mat Kontroll duerch en agrééierte Réviseur. D'Fro stellt sech, no deene villen Diskussiounen an Onregelméissegkeete bei aneren Etablissementer, ob net eng verstäerkte gesetzlech Kontroll sollt agefouert ginn, zum Beispill duerch d'Cour des Comptes. Zum Schluss wëllt ech nach eng Kéier den Accord vu menger Fraktioun fir dëse Projet ginn, mam Wonsch awer, dee mir och scho beim Vote vum Bau ausgedréckt hunn, dass aner kulturell Aktivitéiten iwwert d'Land net sollte vergiess ginn.

Merci!

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Robert Garcia.

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. An onregelméissegen Ofstänn treffe mer eis hei fir Kulturprojeten, Bauteprojeten an der Héicht vu enger, zwou oder dräi Milliarden ze stëmmen, an och regelméisseg treffe mer eis hei fir d'Fonctionnementskäschte fir Kulturinstitutioune vun 100, 200, 300, 350 Milliounen al Frangen ze stëmmen.

Ech hunn domadder selbstverständlech kee Problem, allerdéngs, wann ee selwer a soziokulturellen Organisatiounen aktiv ass, deenen hir Budgeten 3 oder 4 Nulle manner hunn, déi da musse bei d'Ministërë pilgeren, Demanden areechen, 6 Méint, 8 Méint, 10 Méint keng Äntwerte kréien, a wa se eng Äntwert kréien, e klenge Brochdeel 10% oder 20% vun deene Sue kréien, déi domat dann net kënnen dezent funktionéieren, dann hunn ech Problemer dermat, fir weiderhin hei den Hampelmann ze spillen an zu esou Projete Stellung ze huelen.

Dofir verweisen ech, well ech et elo net kann - ech hunn eng psychologesch oder eng psychesch Barrière fir hei sachlech ze bleiwen -, fir déi Leit, déi interesséiert sinn, vu datt mir eis bei dem Projet hei enthalen, op meng Ried bei de Budgetsdebatten vum Dezember.

Ech soen lech merci!

**M. le Président**.- D'Discussion générale ass ofgeschloss. D'Wuert huet elo déi zoustänneg Ministesch, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges,** *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Här President, ech wëll fir d'alleréischt der Madame Stein merci soen.

***(Interruptions)***

**M. le Président**.- Den Här Krecké géing nach gären eppes soen.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Här President, ech soen lech merci. Ech hat mech ageschriwwen, just zu engem eenzege Punkt. Ech hat der Madame Stein och d'Fro gestallt.

Dir hutt opgrond vun Ëmännerungen, Amendementer, déi ech net kann novollzéien, well ech net an der Kommissioun war, e Punkt 5 am Artikel 7 ageflecht, deen net am initialen Text war, an deen elo seet: "L'Etablissement est soumis au contrôle de la Cour des Comptes quant à l'emploi conforme des concours financiers publics qui lui sont affectés."

Ech hu mech gefrot, firwat dass Der dat gemaach hutt. Firwat hutt Der et esou gemaach a firwat hutt Der et net anescht gemaach? Well dat do ass Droit commun. Am Gesetz iwwert d'Cour des Comptes steet nämlech am Champ de contrôle: "La Cour des Comptes est habilitée à contrôler les personnes morales de droit public pour autant et dans la mesure que ces personnes ne sont pas soumises à un autre contrôle prévu par la loi" - hei ass jo ee Réviseur -, "mais les personnes morales de droit public" - en Etablissement public ass dat jo - "bénéficiant du concours financier public affecté à un objet déterminé, peuvent être soumises au contrôle de la Cour des Comptes." Dat heescht si kënnen dohinner goen.

Dat ass dran am Gesetz, dofir: Firwat nëmmen esou eng minimalistesch Approche? Firwat sidd Der net higaangen an Dir hutt deen Etablissement public carrément dem Contrôle vun der Cour des Comptes ënnerworf, niewent dem Réviseur, deen, muss ech lech soen, e ganz anere Contrôle mécht wéi dee vun der Cour des Comptes. Kuckt emol eng Kéier déi 15 Rapporten, déi mer virleien hu vun der Cour des Comptes, iwwer 15 Etablissements publics. Do si Saachen évoquéiert ginn, déi mer jo elo an nächster Zäit wäerten diskutéieren, déi wesentlech anescht sinn, wéi dat wat e klassesche Réviseur d'entreprise mécht. Se kuckt d'Conformitéit mat dem Gesetz, se kuckt wéi d'Zesummenaarbecht mam Ministère de tutelle ofleeft, se kuckt eng Rei Froen, alles Saachen, déi de Réviseur mat Sécherheet net kuckt.

Firwat entzéie mer eis zu dësem Zäitpunkt, esou engem Contrôle? Dat froen ech mech. Ech fannen all Etablissement public, deen net just eng Mission industrielle et commerciale huet, wéi d'Post, déi purement kommerziell ass, wéi d'Spuerkeess, wou ech et à la limite verstinn, mä all déi aner Etablissements publics!Wou mer elo eng Cour des Comptes hunn, sinn ech der Meenung, soll se och der Cour des Comptes hirem Contrôle ënnerleien.

Ech fannen et net normal, dass mer dat hei net agebaut hunn. Ech gesinn net an, firwat dass mer dat net maachen. Ass et d'Angscht virun deem Contrôle, deen elo op eemol hei an de Käpp vun der Regierung geeschtert? Kuckt déi eenzel Rapporten no, déi elo ofgeliwwert gi sinn, dat sinn alles profund an anstänneg recherchéiert Elementer, déi do évoquéiert ginn. Domat gëtt jo kee gehaangen, domat gëtt just higewisen op d'Fonctionnementer, déi net deem entsprieche wat am Droit public ganz oft virgesinn ass. Dat geet kee Réviseur d'entreprise Iech kucken, dat mécht deen net.

Dofir nach eng Kéier meng Fro: Firwat hutt Der net einfach - an et ass eng Exigenz vun eiser Fraktioun, fir an Zukunft dat do an all Etablissement public anzebauen - virausgesat, dass net een, dee purement commercial et purement industriel ass, wou d'Zesummenspill e bëssen anescht ass, mä dat hei ass där jo keen, do fannen ech soll de Contrôle vun der Cour des Comptes voll kënne spillen an ech hunn, wéi gesot, kee Verständnis dofir an ech sinn net méi bereet d'Etablissements publics ze ënnerstëtzen, wa mer dee Contrôle do net abauen.

Ech soen Iech merci!

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo d'Madame Kulturminister Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges,** *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Här President, ech hat schonn ugefaange mat dem Merci un d'Kommissiounen, un d'Madame Presidentin an un de Rapporteur, déi eis et erméiglecht hunn, dëse Projet an der zweeter Woch vun der Chamberaktivitéit vun där neier Sessioun ze stëmmen. Et ass e wichtege Projet, et ass e Projet dee Marquë setzt an deen an der Kulturpolitik eng ganz importent Roll spillt, well et Neiland ass.

Et ass am Fong esou, datt mer bis elo alles dat, wat mer gebuede kritt hu vu privaten Organisateuren, vu Bénévolen ugebuede kritt hunn, an ech well dofir ausdrécklech all deenen, déi et méiglech gemaach hunn, datt e Musekslewen hei zu Lëtzebuerg stattfonnt huet, datt Concertsaktivitéiten op héchstem Niveau waren, mäi ganz grousse Merci fir hire jorelaangen Asaz soen. Si waarde ganz sécher mat Schmäerzen drop, datt deen neie Sall soll fäerdeg ginn an datt si hir Aktivitéiten och an dee Sall kënnen transféréieren.

Ech erënneren drun, datt jo ee Sall vun där doter Gréisst net ënnert de Gesiichtspunkte vu virgëschter ka bedriwwe ginn an datt dofir den Etablissement public eng immens Erausfuerderung ass. Ech géif soen, d'Aarbecht geet eréischt un. Mir sinn um Ufank vun engem ganz neie Parcours, vun engem ganz neie Gehabe an eisem kulturelle Liewen. Mir hu fir d'alleréischt hei enger Institutioun öffentlech Gelder zur Verfügung gestallt, fir Concerten ze organiséieren.

Mir mussen eis bewosst sinn, datt alles dat, wat bis elo war, wat immens gutt war a gutt fonctionnéiert huet, sief dat Festivalen, sief dat déi kleng Organisateuren, sief dat déi Organisatioune wéi d'Soirées de Luxembourg oder d'Solistes Européens, déi mat vill Engagement Programmer bruecht hu vun enger grousser Qualitéit, datt dat Bénévolat war. Dat si keng Organisatiounen, déi op eege Recetten aus sinn, déi sinn nëmmen op Recetten aus, déi hir Käschten decken. An deem Sënn ass also de Sall och fir si ee Gewënn, et ass nähmlech en Ënnerscheed, ob een e Concert mécht, wou ee 650 Plaze ka verkafen, oder e Concert, wou een 1.200 Plaze verkeeft.

Dat ass an der ekonomescher Berechnung vun dem Concertsbetrib jiddfer Organisateur seng Suerg, well et huet engem munchmol Leed gedunn, wa mer prestigiéis Orchestere wéi de "San Franscisco" hei haten, wou mer ganz sécher de Sall och mat 1200 Plaze gefëllt kritt hätten, datt mer dann net ee volle Sall konnten an där doter Gréissenuerdnung ubidden, well mir wosste vu vireran d'Leit wäre komm, mir hätten Tickete verkaaft a mir gesi jo och elo beim Betrib, wéi et an anere groussen Etablissementer fonctionnéiert, datt, wann dann d'Angebot stëmmt, da kënnt och de Publikum.

Dir Dammen an Dir Häre, mir hunn an enger Analys vun de Statistiken iwwert d'Kultur hei am Land festgestallt, datt fir d'Joer 1998 den Taux vun der Populatioun, déi eemol an engem Concert ass während zwielef Méint - dat war d'Fro déi gestallt ginn ass, bei 38% läit. 60% vun eiser Populatioun ginn also mol net eng eenzeg Kéier an zwielef Méint an ee Concert. An domadder ass d'Zil gesat, dat deen neie Sall muss erfëllen.

Mir musse kucken, datt mir d'Populatioun esou vill wéi méiglech sensibiliséieren, datt mer Aktioune maachen, an dat ass eben déi prezis Aarbecht, déi dësem Etablissement public elo opginn ass, deen elo eréischt muss ufänke mat schaffen, esou wéi iwwregens och den Orchestre philharmonique doranner seng nei Aktivitéite ganz zentréiert drop huet, fir en neie Publikum ze erfaassen a fir d'Leit an de Kulturbetrib eranzebréngen.

An deem Sënn ass et vill, vill méi e grousse Schrëtt nach wéi deen, deen hei beliicht ginn ass. Ech soe selbstverständlech alle Riedner, déi hei hire positive Beitrag bruecht hunn, merci. Et ass ee grousse Projet an ech deelen net d'Analys vun der Madame Delvaux, datt een en ouni Begeeschterung soll stëmmen. Ech hunn nach ëmmer ganz grouss Begeeschterung an ech denken, datt si mat der Bemierkung, d'Fiche financière wier net up to date, wuel an där technescher Saach do Recht huet, mee d'Begeeschterung, fir datt mer dat doten un d'Lafe kréien, déi soll awer hir dofir net geholl sinn.

Da wëll ech op déi Suergen äntweren, déi hei zum Ausdrock komme sinn, ebe just wat den Equiliber Recetten-Dépensen ugeet, an och op e puer konkret Froen äntweren. Esou zum Beispill op d'Fro: Déi 25 Leit, wéi sinn déi zesummegesat? Dat sinn, wann een d'Propositioun vum Programmatiounsbüro duerchkuckt, déi och vun 2000 ass, grosso modo och zur Halschecht technescht Personal fir de Sall ze bedingen, an zur Halschecht administratiivt Personal. Et ass evident, datt fir d'Berechnung vun de Käschte sech och op Beispiller beruff ginn ass, an do sinn notamment Beispiller geholl ginn, déi hei aus der Groussregioun stamen, wéi de Concertssall zu Köln, wéi de Concertssall zu Düsseldorf. Do ass gekuckt ginn, wéi de Betrib am Arsenal sech entwéckelt huet. Do ass gekuckt ginn, bei der Cité de la musique zu Paräis, déi mat 237 Concerte pro Joer natierlech eng Spëtzeleeschtung huet, wéi ee sech dorunner kann orientéieren.

Ech sinn der Meenung, datt dat, wat do virgesinn ass, äusserst ambitiéis ass. Ech wëll déi Ambitioun awer och bäibehalen, well wa mer eis mat manner zefridde ginn, da musse mer wëssen, datt mer an deem Sënn vläicht hanneno dat eigentlecht Zil, wat mer jo ustriewen, net erreechen.

Et wäert also esou sinn, datt déi Fiche financière aktualiséiert wäert ginn au fur et à mesure, well den Etablissement public, dee fänkt jo elo eréischt un ze schaffen. An do soen ech och der Kommissioun extra merci, well wann dee Saz net bäibehale gi wier, datt mer elo mat enger Préfiguratioun hätte kënnen ufänken, dann hätte mer jo keng Kreditter kënnen engagéieren, dann hätte mer also keng Finanzmëttel gehat, fir elo am Virfeld schonn eng Direktioun ze engagéieren, déi sech och ëm d'Saisone bekëmmert.

Well een, deen de Concertsbertrib kennt, dee weess, datt elo all Haus amgaang ass scho seng Saison fir 2006 ze organiséieren. A wann ee gäre gutt Leit heihinner hätt, da muss een op d'mannst véier Joer am viraus sech umellen, fir dann och do vun deenen hiren Datume kënne Gebrauch ze maachen. An deem Sënn ass et héich Zäit, datt elo eng Préfiguratioun an d'Wee geleet gëtt an datt domadder déi Aarbecht kann ugoen.

Wat d'Kompositioun vum Conseil d'administration ugeet, do ass wuelverstanen datt drasteet, véier Leit kënnen de Kulturminister vertrieden, woubäi ech net am geréngsten d'Intentioun hu véier Leit aus dem Ministère ze nennen, au contraire, ech denken datt déi Leit, déi ech a menger Vertriedung nennen, och ganz gutt kënnen d'Société civile vertrieden. Et ass also net implizit am Projet virgesinn, datt dat lauter Fonctionnairë sinn. An deem Sënn sinn niewent deenen dräi Leit, déi virgesi si fir d'Société civile ze vertrieden, genuch Plaze fräi, fir datt mer de Lien kréien zu deenen, déi Organisateure sinn.

Et ass bei leiwen net dru geduecht - an dat gëtt déi grouss Schwieregkeet, déi deen neien Direkter kritt vun dem doten Etablissement -, fir alleguerten déi, déi bis elo um Wierk waren, auszeschalten, oder fir déi net méi an hiren Aktivitéite weiderfueren ze loossen a se mat anzebannen. An deem Sënn ass et ganz sécher fir eis Festivalen, esou wéi se elo scho munchmol Gebrauch gemaach hu vum Sall vum Conservatoire, och d'Méiglechkeet, fir vun dësem Sall Gebrauch ze maachen. An deem Sënn zielt wuel ganz bestëmmt, datt déi Gelder, déi gebraucht ginn, fir d'Ausgabe vun den organiséierten Owender sinn, an domadder den Equiliber sech misst hierstelle loossen tëschent deem wat d'Ausgaben an d'Einnahmen ugeet.

Wann een Etablissementer kuckt wéi de Concertssall vu Köln, da gesäit een, datt dee bis zu 50% bal u Recetten eragespillt huet. Aner Etablissementer si bei 40%. Also, ech denken, och do gëtt et een Equiliber ze halen. Dir hutt och Spektakelen - mir gesinn dat jo elo an der Coque -, wann eppes ugebuede gëtt, da kritt der och zu héije Präisser awer Dausende vu Leit doran. Ergo ass et hei eng Fro vun der Programmatioun déi gemaach gëtt, déi déi richteg Gewiichtung muss halen.

Dann zu der Kontroll, wou den Här Krecké eng Fro hei opgeworf huet, déi ech, wann ech virdrun dovun informéiert gewiescht wier, vläicht anescht hätt kënne beäntwerten. Ech liesen, datt am Projet d'Cour des Comptes ageschalt gëtt fir alles wat…

***(Interruption)***

Voilà! Also dir hutt do zu Recht op eppes higewisen, wat kënnt den Uschäin hu wéi wann een hei eng Kontroll net am vollen Ausmooss wëllt hunn.

Ech mengen, mir hunn d'Parallell gezunn zu deem wat mer bei deenen aneren zwee Etablissements publics, vum Centre national sportif et culturel hunn a vum Etablissement public Neumünster hunn. Ech wäert der Regierung dat dote matdeelen, datt bei künftegen Etablissementer d'Cour des Comptes zur Genüge mat ageschalt gëtt.

Et ass a kengem Fall meng Intentioun fir do net Transparenz walten ze loossen. Et ass grad an engem Beräich wéi deem vun der Kultur wichteg, datt mer transparent schaffen.

Ganz dacks gëtt dat jo an der Öffentlechkeet falsch verstanen, an et sinn ëmmer nach Leit déi mengen, d'Kultur, dat wier esou d'Knippchen um Kuch, dat wier e bëssen dat wat dann nach derbäi kéim, dat wier de Luxus, dat wier wann een all seng aner Bedürfnisser erfëllt hätt, dat wier dann dat.

D'Kultur ass haut och eng wirtschaftlech Aktivitéit, d'Kultur ass en Investissement, a mir mussen eis ëmmer bewosst sinn, wa mer eng Plaz am direkte Beräich vun der Kultur schafen, datt mer dann dräi aner Aarbechtsplaze schafen, datt dräi aner Aarbechtsplazen entstinn. Dat ass aus europäesche Statistiken ervirgaang, well jo Aktivitéiten am Kulturberäich eng ganz Partie connexe Beräicher aktivéiert. Ech brauch déi net ze nennen, et ass fir eisen Tourismus wichteg, a fir de Standuert Lëtzebuerg ass och dee Concertssall vu grousser Wichtegkeet.

Ech denken, mir sollen eis do och d'Ambitioun ginn, datt mer mat deem Instrument do eis Imagefleeg no baussen esou duerstellen, wéi mer als Land dat neierdéngs wëllen. Wou mer jo awer net nëmme wëllen no baussen eng Bankeplaz sinn, mee wou mer wëllen haaptsächlech als Land mat enger eegener kultureller Identitéit a mat eegenen Aktivitéiten och ervirsträichen.

Dat gesot, Här President, soen ech nach eng Kéier all deene merci an ech si frou, datt an der Chamber jo awer eng zimlech grouss Unanimitéit vläicht oder Majoritéit besteet. Ech hunn natierlech den Opruff héiere vum Deputéierte vun der grénger Fraktioun a seng Suerg ass och meng Suerg. Dat sief hei gesot.

Dat gesot ass een awer hei an engem neie Film. Déi Aktivitéiten, déi mat dem Concertssall hei zu Lëtzebuerg eréischt ufänken, déi wäerten eis hoffentlech och dozou féieren, datt d'Kultur bis an de leschten Eck vun eisem Land hikënnt an datt méiglechst vill Leit an d'Leit aus alle Géigende vum Land hir Freed un dësem Concertssall hunn.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4731 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 8 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kéimen elo zur Ofstëmmung iwwert de virleiende Projet.

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 4731 ass ugeholl mat 54 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nelly Stein);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jean-Paul Rippinger), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jeannot Krecké), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Mars Di Bartolomeo), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtten um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 17.53 heures)***

# MERCREDI, 16 OCTOBRE 2002 6E SÉANCE

Présidence: M. Jean Spautz, Président
M. Willy Bourg, Vice-Président

## Ordre du jour

1. Communications
2. 4889 - Projet de loi réglementant le repérage de télécommunications et portant modification du Code d'Instruction Criminelle

   4886 - Proposition de loi portant réglementation du repérage de télécommunications et modifiant le Code d'Instruction Criminelle

   *(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
3. Débat d'orientation concernant la réforme de la législation sur les délégations du personnel, les comités mixtes et la représentation des salariés dans les conseils d'administration *(Motions - Votes)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Henri Grethen et François Biltgen, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

## 1. Communications

Ech wollt Iech nach folgend Kommunikatioune maachen:

1. Monsieur Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 15 octobre 2002, le projet de loi 5037 portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières.

2. Monsieur François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, a déposé le même jour le projet de règlement grand-ducal 5038 portant douzième modification de l'annexe 1 de la loi modifiée du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4889 iwwert d'Novollzéiung vun den Télefonsverbindungen, zesumme mat der Proposition de loi 4886 iwwert datselwecht Thema.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Mosar, d'Mme Beissel, den Här Henckes, d'Mme Wagener an den Här Urbany.

D'Wuert et elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Weiler.

## 2. 4889 - Projet de loi réglementant le repérage de télécommunications et portant modification du Code d'Instruction Criminelle

## 4886 - Proposition de loi portant réglementation du repérage de télécommunications et modifiant le Code d'Instruction Criminelle

***Rapport de la Commission juridique***

**M. Lucien Weiler** *(CSV), rapporteur.*- Här Président, Dir Dammen an Dir Hären, et schéngt keen allzevill groussen Intérêt fir dee Projet hei ze sinn, wou de Virleefer an dësem Haus awer zu héije Welle gefouert hat. Et sinn nämlech praktesch op den Dag zwee Joer - et war de 24.Oktober 2000 -, wou d'Chamber hei eng Motioun gestëmmt hat, an...

***(Interruptions diverses)***

**M. le Président**.- Loosst den Här Weiler dach schwätzen! Also Här Weiler, loosst Iech net stéieren, fuert virun. Déi aner sollen nolauschteren!

**M. Lucien Weiler** *(CSV), rapporteur.*-...där se d'Regierung gebieden hat, der Chamber e Gesetz virzeleeën iwwert déi ominös Repérages téléphoniques. An där Motioun hate mer schonn éischt Indikatiounen ginn, wéi mer da géife mengen, a wéi eng Richtung datt d'Iwwerleeunge vu der Regierung sollte goen.

Mir hunn haut e Projet virléien, deen den 18. Dezember 2001 déposéiert ginn ass, nodeems datt den éischten Avant-projet de loi do war, deen och mat de Justizautoritéiten a mat de Polizeiautoritéiten diskutéiert gi war, deen doropshin ugeräichert ginn ass mat de Remarken an de Suggestioune vun deenen Autoritéiten. Den 13. Dezember 2000, kuerz virum Dépôt vun dësem Projet de loi, huet den honorablen Här Bodry eng Proposition de loi déposéiert an där en zum gréissten Deel déi Iddien, déi am Regierungsavant-projet waren, opgegraff, respektiv op enger Rei vu Punkte verfeinert huet.

Et stellt sech fir d'éischt, Här Président, bei dësem Projet d'Fro vun der Noutwendegkeet, fir hei e Gesetz ze schafen iwwert d'Repéragen. A wann een haut de Mëtteg de Radio héieren huet, da gesäit een, datt net all Mënsch vun där Noutwendegkeet iwwerzeegt ass. Ech denken awer, datt mir heibannen, well mer déi Motioun jo gestëmmt haten a virun allem och déi, déi deemools involvéiert a konzernéiert waren,...

***(Interruption)***

Also Här Krecké, ech hu mer iwwerluegt ganz virsiichteg ze sinn an der Terminologie, déi ech wëll gebrauchen, well ech weess, datt Dir deemools mat där ganzer Affär näischt, awer guer näischt ze doen hat, an deementspriechend wär jidderee gutt berode fir haut de Mëtteg seng Wierder, wann en da Referenze mécht, ze weien.

...huet sech awer d'Fro gestallt vun der Noutwendegkeet, fir hei gesetzlech Dispositiounen ze huelen. A wann haut de Mëtteg gemengt ginn ass, dat wier net noutwendeg gewiescht, da muss ech awer soen, datt wann een d'Base légale kuckt, op där bis ewell sou Répéragë gemaach gi sinn, dann ass dat dach awer eng relativ schwaach Base légale. Et ass eng, mee et ass eng, déi ouni weider Sécuritéitsmoossnamen, ouni weider Regele fonctionnéiert huet.

Dir wësst, datt bis ewell d'Repéragen op Grond vun zwee Artikele vum Code d'instruction criminelle, d'Artikelen 63 bis 67 betreffend d'Saisiën, konnte gemaach ginn. Dat ass an der Rei. Dat ass eng Base op Grond vun där een dat konnt maachen, mais pour le reste gouf et awer keng Dispositioune wéi a wéini, wéi an op wéi eng Aart a Weis datt sollten a kënnten esou Repérage gemaach ginn, respektiv wat d'Rechter awer och vun deem Eenzele sinn, dee kann Objet si vun Télefonsnovollzéiungen, Télefonsverbindungen, déi novollzu ginn.

Et muss ee jo oppassen hei, well, och deemools an der Diskussioun an och haut nach ëmmer. en Amalgam gemaach gëtt tëschent deem, wat op där enger Säit ofzelauschteren ass vun Télefonsgespréicher a Répéragë vun Télefonsverbindungen. Et geet hei ëm Télefonsverbindungen. Et geet net ëm Télefonsgespréicher, déi sollten ofgelauschtert, respektiv répéréiert ginn. Et geet eleng ëm de materielle Fait vun der Verbindung, wou eng Verbindung hierkënnt, wou se higeet, wéi oft datt eng Verbindung gemaach ginn ass, mee net wat de Contenu vun de Gespréicher ubelaangt.

Här President, bei all Gesetzgebung, déi ee mécht, wou een deenen zoustännegen Autoritéite méi Pouvoir gëtt, fir en matière vu Kriminalitéit ze investigéieren, huet een ëmmer erëm e Balanceakt ze maachen tëschent op där enger Säit deem wat noutwendeg ass, fir eng effikass Bekämpfung vun der Kriminalitéit, an op där anerer Säit dat wat noutwendeg ass fir de Schutz vun de Rechter an de Fräiheete vun de Bierger, respektiv de Schutz vu der Privatspheer vu jidder Eenzelen.

Dat ass esou, dee Spagat muss een ëmmer erëm maachen, et muss een ëmmer erëm ofweien, wat ass noutwendeg fir d'Bekämpfung vun der Kriminalitéit op där enger Säit, wat ass noutwendeg fir de Schutz vun de Rechter vun deem Eenzelen op där anerer Säit. Deemno op wéi eng Säit oder wou ee seng Prioritéite setzt, ass een natierlech éischter enclin méi a Richtung vun der Bekämpfung vun der Kriminalitéit ze goen an de Moyenen, déi een den Autoritéite gëtt, oder wann ee seng Prioritéit op dem Niveau vum Schutz vun der Privatspheer an de Rechter vun de Bierger stellt, da seet een, et kann net esou wäit goen. D'Fro ass also ëmmer erëm bei deenen heiten Diskussiounen, wou ass de gëllene Mëttelwee, wou een op där enger Säit dat Noutwendegt mécht, fir d'Kriminalitéit richteg, gutt an effikass ze bekämpfen an op där anerer Säit, fir d'Privatspheer, d'Rechter vun dem Eenzelnen esou wäit wéi méiglech ze garantéieren? Wéi gesot, dat ass ëmmer ee Balanceakt, an ech denken awer, datt mer bei dësem Projet ënnert dem Strëch eng Léisung fonnt hunn, déi souwuel als ob, den Nécessitéiten, déi noutwendeg sinn an deenen zwee Beräicher, Rechnung dréit.

De Procureur d'Etat hat beim Avant-projet de loi geschriwwen, an dat resüméiert e bëssen d'Problematik hei: "L'objet de l'avant-projet de loi est bien délicat, puisqu'il soulève une nouvelle fois la question de l'équilibre des moyens dont les pouvoirs publics peuvent disposer dans une société démocratique pour combattre le crime".

Dat ass déi ganz Fro, déi ee sech ëmmer erëm, an esou enger Matière wéi där heiter, muss stellen. An ech denken emol, de Vote wäert dat och vläicht um Enn vun der Diskussioun beweisen, datt mer hei dach awer ee gudden Equiliber fonnt hunn.

Här President, fir de Projet kuerz ze presentéieren: Et ass kee ganz grousse Projet. Ech wëll net laanschtgoen un deenen Diskussiounen, déi mer haten um Niveau vu fënnef Punkten. Wann een op där enger Säit de Projet vun der Regierung hëlt, an op där anerer Säit d'Proposition de loi, déi den honorabelen Här Bodry déposéiert hat, da gesäit een, datt et op véier, fënnef Punkten eng gewëssenn Divergence de vue gouf, obschonns et en fin de compte - an d'sozialistesch Fraktioun huet jo och dee Rapport an dee Projet, dee mer haut der Chamber recommandéieren ze stëmmen, matgedroen -, e puer Diskussioune gouf.

D'Fro war fir d'éischt: Wou solle mer dann déi noutwendeg Dispositiounen, fir de Repérage téléphonique ze reglementéieren, aschreiwen? D'Regierung hat proposéiert, datt een dat am Kader vun den Artikele 63 bis 67 vum Code d'instruction criminelle géing maachen. Den Auteur vun der Proposition de loi wollt se am Kader vum Artikel 88 um Code d'instruction criminelle, wou et ëm d'Ecoutes téléphoniques geet.

De Conseil d'Etat hat och seng Meenung heizou. En huet gesot, well dee materiellen Akt, deen hei noutwendeg ass, fir esou Repéragen ze maachen, sech awer um Niveau vu de Saisië situéiert, wär et scho méi logesch, fir dës Dispositiounen, déi mir haut hei diskutéieren, bei den Artikele vun de Saisiën anzeschreiwen, an och fir d'Distinctioun oprecht ze halen, eng dach awer fundamental Distinctioun tëschent Repérage an Ecoutes téléphoniques, wat jo e Moyen ass, deen de loin méi wäit geet, wéi dat wat hei proposéiert gëtt. An dofir denken ech schonn, datt déi Léisung, déi mir och einvernehmlech fonnt hunn, fir dat esou ze maachen, an der Rei ass.

Da war d'Fro: Wéi eng Faite vu wéi enger Gravitéit dann dozou kënne féieren, datt Télefonsverbindunge kënne repéréiert ginn?

Hei gouf et och Divergenzen, obschonns se net extrem grouss waren. Mir waren eis alleguerten eens, datt een net bei egal wat kënnt Repérages téléphoniques maachen, mee datt et scho muss eng Infraktioun sinn, déi eng gewëssen Importenz, eng gewësse Gravitéit huet. Hei ware Propositioune fir bei Faiten, déi eng Prisongsstrof vu sechs Méint komportéieren. Den honorabelen Här Bodry hat dat méi héich gesinn, obschonns en och Restriktioune virgesinn hat am Fall wou. De Conseil d'Etat huet eis do eng Rei Iddië gi gehat, firwat datt ee kënnt oder sollt um Niveau vun deene sechs Méint bleiwen. Also bei all Fait, deen eng Prisongsstrof komportéiert vun op d'mannst sechs Méint oder méi wéi sechs Méint, ka Repérage téléphonique gemaach ginn.

Et war fir eis wichteg, an ech denken, ech ginn d'Diskussiounen an der Kommissioun richteg domader erëm wann ech soen, datt wann och d'Repérages téléphoniques ganz oft gesi ginn am Kader vun der grousser Kriminalitéit, der organiséierter Kriminalitéit, der internationaler Kriminalitéit, dann ass dat sécher, datt se do kënne gebraucht gi. Mä et ginn och eng Rei vun Infraktiounen, déi ee vläicht net an déi allerhéchste Kriminalitéit kann areien, obschonns se, wa se een dann treffen, extrem penibel kënne sinn. Dat ass den Harcèlement iwwert den Télefon, dat sinn Alertes à la bombe an esou weider, wat awer trotzdeem och uerg Infraktioune sinn, a grad just bei esou Infraktiounen denken ech, datt d'Novollzéiung vun Télefonsverbindunge kann utile sinn, fir erauszefanne wou déi Responsabel sëtzen.

Par ailleurs huet de Conseil d'Etat drop opmierksam gemaach, datt deen Délai vu sechs Méint wichteg wär, datt mer dee missten hunn oder sollten hunn, well dat och de Seuil de recevabilité ass vun der Commission rogatoire, op Grond vun der Convention européenne d'entraide judiciaire. Fir also och kënnen international esou ze kooperéieren, wéi et noutwendeg ass, denken ech, datt deen do Seuil an der Rei ass.

Dann, mir wëssen et, an dat war och bis ewell esou, nëmmen de Juge d'instruction kann esou eng Décisioun huelen iwwert de Wee vun enger Ordonnance, wann et sollt zu Repérages téléphoniques kommen. D'Motivatioun heivunner ass evident. Mir hunn doriwwer diskutéiert. Eng Motivatioun, déi laut dem honorablen Här Bodry misst ganz circonstanciéiert sinn, währenddeems am Text stoung, d'Motivatioun en tant que telle misst duergoen. De Conseil d'Etat huet eis drop opmierksam gemaach, datt d'Motivatioun vun all Décisioun eng Formalité substantielle ass, an datt d'Netbeuechtung vun der Konditioun vun der Motivatioun, datt dat d'Nullitéit vun der Ordonnance kënnt a géif no sech zéien, an deementspriechend denken ech, datt déi Solutioun, déi mer zréckbehalen hunn, och esou an der Rei ass.

Da war en anere Punkt, wou mer länger Zäit driwwer diskutéiert hunn. Dat war d'Informatioun. Wéini soll deen, deen da Sujet ass, respektiv Objet vun enger Mesure de repérage, informéiert ginn? Och hei hunn d'Meenungen e bëssen ausernee geleeën, a mir hunn en fin de compte déi Solutioun ugeholl, déi de Conseil d'Etat proposéiert huet. De Conseil d'Etat sot, am Intérêt vun de Rechter vun deem Eenzelne sollt deen esou schnell wéi méiglech kënnen informéiert ginn, datt esou eng Décisioun géint e geholl ass, och fir kënne seng Recoursë gegebenenfalls ze exercéieren. Deementspriechend gesäit den Text elo vir, datt au cours même vun der Instruktioun dee Betreffende kann oder soll informéiert ginn, respektiv en tout cas spéitstens 12 Méint nodeems datt d'Ordonnance vum Untersuchungsriichter geholl ginn ass.

An dann, Här President, hu mer eng lescht Dispositioun an den Text ageschriwwen, déi net am Regierungstext virgesi war, déi awer an der Proposition de loi dra war. Dat war eng Dispositioun iwwert dat, wat sollt geschéien, wann déi Mesures de repérage zu kengem Resultat gefouert hunn. Den Auteur vun der Proposition de loi hat sech ugelehnt un deen Text, dee besteet am Kader vum Artikel 88 vum Code d'instruction criminelle bei den Écoutes téléphoniques, datt da sollten esou Informatiounen aus dem Dossier er-

ausgeholl an zerstéiert ginn, pour autant wou se Leit betreffen, déi net inculpéiert sinn.

De Conseil d'Etat war net frou mat dëser Propositioun an huet eng Rei vu Froe praktescher Natur opgeworf, wéi datt dat da kënnt fonctionnéieren. D'Kommissioun war awer an hirer Majoritéit der Meenung, datt wann et praktesch méiglech ass am Kader vun den Écoutes téléphoniques, an do hu mer et am Text, datt et dann och misst kënnen am Fall vu Télefonsnovollzéiunge méiglech sinn.

Ënnert dem Strëch also, Här President, denke mer, datt déi Propositiounen, déi eis hei virleien, deen Text, deen d'Commission juridique der Chamber proposéiert, en Text ass, deen elo emol e richtege Kader definéiert an deem kënne Repérages téléphoniques gemaach ginn, wou och d'Rechter vun deem, deen dann Objet vun esou Repéragë gëtt, oder Sujet villméi, datt déi hei awer elo mol eng Base légale hunn. Dat war virdrun net de Fall, an deementspriechend huet et mech och gewonnert, Här President, wéi ech haut de Mëtteg - an ech erlabe mer dat en nom personnel bäizefügen - héieren hunn an den Nouvellen, wou e Member vun der Magistratur dee Projet de loi hei kommentéiert huet am Virfeld, ier en hei vun der Chamber gestëmmt ginn ass, an indirekt relativ vill Kritik un dësem Projet geübt huet an deem Sënn, wou e gesot huet, hei géife vill Formalismen agebaut ginn, déi net noutwendeg wären. Ech gesinn net, wou dee grousse Formalismus an dësem Text soll sinn. En huet gesot, deen Eenzelnen hätt hei déiselwecht Rechter, déi e scho virdru gehat hätt. Dat ass ganz sécher net de Fall. An da gëtt geschwat vun enger Loi de circonstance. Här President, ech muss emol prinzipiell soen, datt et mech e wéineg gewonnert huet, datt déi dote Remarken am Virfeld, ier d'Parlament sech hei iwwert de Projet ausschwätzt, gemaach gi sinn.

Ech ka mech erënneren, wéi mer virun zwee Joer d'Problematik hei an der Chamber diskutéiert hunn, wéi dës Chamber sech gedréint huet fir net déi Décisiounen, déi d'sozialistesch Fraktioun deemools ubelaangt hunn, ze kommentéieren, well mer wollten op Grond vun der Séparation des pouvoirs eis op keng, net op déi geréngsten Aart a Weis amëschen an dat, wat d'Aarbecht vun der Justiz ass. Mir hunn eis wierklech hei Méi ginn op alle Säiten, fir nëmmen net den Uschäin ze ginn, datt mer d'Séparation des pouvoirs net wëllte respektéieren.

Dofir muss ech soen, erstaunt et dach awer schonn, datt deen Dag, wou e Parlament sech soll ausspriechen iwwert e Gesetzvirschlag, d'Magistratur sech erauswot a relativ sec seet, datt dee Projet hei en fin de compte, esou hat ech et wéinegstens am Gefill, superfétatoire wär, dat wär alles scho méiglech gewiescht ier mer deen Text hei gehat hätten.

Wann ech gesinn, wéi eng Schwieregkeeten datt d'Magistratur hat fir eis genee Chiffere virzeleeën iwwert d'Repéragen, déi bis ewell gemaach gi sinn, sougutt vum Dikrecher Geriicht, wéi hei an der Stad, datt et dann dach awer, fannen ech, e bësse gewot ass, fir ze soen, mä dat do alles, esou wéi mir et bis elo gemaach hunn, steet am Aklang mat deem, wat deen Text hei virgesinn oder respektiv wat deen Text vu virdru virgesinn huet. Wann een net weess, wou a wéini an ënnert wéi engen Ëmstänn a fir wéi eng Infraktioune Repéragë gemaach gi sinn, dann denken ech, datt et schonn eng gewoten Ausso war. Ech well dat awer elo net hei dramatiséieren. Ech mengen, jidderee muss seng Responsabilitéit iwwerhuelen.

Mir fannen op jidde Fall, datt dësen Text, deen d'Repéragen an e gesetzleche Kader setzt mat Bedingungen, mat Konditiounen, mat Garantië fir deen Eenzelnen, de loin méi ass wéi dat wat mer virdrun haten. Virdrun hate mer just eenzeg an eleng eng Base légale op Grond vun där konnten esou Repéragë gemaach ginn, soss näischt, keng Konditiounen, keng Garantien. Déi kréie mer duerch dëse Projet de loi, an deementspriechend denken ech, Här President, kann ee scho mam Auteur vun der Proposition de loi d'accord sinn.

Ech well zum Schluss nach soen an zwar viséiert op d'Proposition de loi, mä ech mengen datselwecht zielt fir de Projet de loi, wou steet: „…vise à renforcer la protection des citoyens quant au respect de la liberté de communiquer et de la sauvegarde de la vie privée, tout en permettant aux autorités chargées de la sécurité publique d'effectuer leur travail de prévention et de répression dans les conditions dignes d'un état de droit". Ech mengen, et ass och dat wat dem Justizminister, wéi e säi Projet ausgeschafft huet, säin Zil war, säin Objektiv war, op där enger Säit Regelen, déi eng effikass Bekämpfung vun der Kriminalitéit erlaben, an op der anerer Säit d'Rechter vun deem Eenzelnen, souwäit wéi dat noutwendeg a wéi dat méiglech ass, ze wahren. Eng Entorse ass et ëmmer, wann der Autoritéiten Investigatiounsméiglechkeeten gitt, zu de Rechter vun deem Eenzelnen. Do ass net derlaanscht ze kommen.

Ech denke schonn, datt d'Regierung an de Minister, zesumme mat der Chamberskommissioun, e gesonden Equiliber bei dësem Projet font hunn an deementspriechend recommandéieren ech der Chamber den Text, esou wéi d'Commission juridique e proposéiert, ze stëmmen. D'CSV-Fraktioun, dat soen ech a mengem Numm, wäert dësen Text, esou wéi en hei virläit stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

Pardon, den Här Bodry freet nach d'Wuert.

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur.*- Här President, ech sinn Auteur vun der Proposition de loi a misst als Zweeten d'Wuert kréien.

**M. le Président**.- Entschëllegt, Här Bodry, et ass an der Rei, Dir hutt selbstverständlech d'Wuert.

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut diskutéiere mer iwwer en Text, deen d'juristesch Kommissioun vun der Chamber hei proposéiert, en Text, dee gewuess ass aus menger Propositon de loi an aus dem Projet de loi vun der Regierung.

Den Ursprung vun deem neie Gesetz, dat ech denken nach haut wäert gestëmmt ginn, läit an de Konklusioune vun enger Interpellatioun, déi vu menger Fraktioun agereecht gi war iwwert de Schutz vun de perséinlechen Daten an der Pressefräiheet am Oktober 2000, also viru ronn zwee Joer. Séngerzäit hate mer zum Ofschloss vun där Interpellatioun eestëmmeg als Chamber eng sozialistesch Motioun ugeholl, an där d'Regierung ënner anerem opgefuerdert gi war, bannen engem Joer e Gesetzesprojet iwwert d'Noverfolge vun télefonesche Verbindungen dem Parlament virzeleeën. An där sozialistescher Motioun waren zwou Bedingunge festgehale ginn, déi misste berücksichtegt gi bei der Ausaarbechtung vun deem Gesetzesprojet. Dat war, dass et géif zu enger Beschränkung vun den Télefonskontrolle kommen, jee no der Gravitéit vun der Infraktioun, déi verfollegt gëtt, an dass virun allem sollten zousätzlech Garantië fir déi betraffe Persoune vun esou enger Kontrollmoossnam an d'Gesetz ageschriwwe ginn.

Deen Text, dee mer haut ofstëmmen, ass eigentlech, wann ech mech net ieren, de fënneften Text, deen an där ganzer Matière ausgeschafft ginn ass. No där Motioun huet de Justizminister en éischten, duerno een zweete Projet virgeluegt. Déi sinn zréckgezu gi vun him. Et ass schlussendlech eng Propositioun de loi hei deponéiert ginn am Oktober 2001, a fënnef Deeg méi spéit de Projet de loi vun der Regierung.

Deen Text, deen d'Kommissioun proposéiert, ass eigentlech e Mélange vun deenen zwee Texter: dem Projet de loi vun der Regierung a menger Proposition de loi. Et ass, mengen ech, wichteg ervirzehiewen, dass déi heite gesetzlech Initiativ net den Ursprong hélt an engem Wahlprogramm vun enger Partei, net den Ursprong hélt am Regierungsprogramm vun dëser Koalitioun, mee déi direkt Folleg ass vun de Konklusiounen, déi dëst Parlament gezunn huet de 24. Oktober 2000 am Zesummenhank mat där Télefonskontroll, déi bei der sozialistescher Fraktioun stattfonnt huet, an dat am ZesummenhanK mat där Plainte, déi de Minister Wolter wéinst Violatioun vum Secret professionel agereecht hat. D'Auswierkunge vun där Plainte sinn nach net ganz eriwwer. D'Justiz beschäftegt sech nach op ville Plaze mat deem Dossier. Mä eppes Positives, niewent villem Peinlechen, wat déi Plainte vum Minister Wolter bewierkt huet, ass, dass mer et hei mat enger Verbesserung wäerten ze di kréie vun eiser Strofprozessuerdnung, déi méi Transparenz an dee ganze Mechanismus vun der Kontroll vun den Télefonsverbindungen erabréngt, déi Mëssstänn behieft, déi Rechtsonsécherheeten, déi haut bestinn, eraushélt, an déi virun allem méi Garantië fir den eenzele Justiciable mat sech bréngt. Et ass wichteg gewiescht, dass de Législateur reagéiert. Dat versicht en haut ze maachen.

Meng Fraktioun steet also um Ursprong vun dëser Gesetzesreform, a mir wäerte wéi bei deem heite Projet och bei aneren Engagementer, déi dës Regierung geholl huet, an déi och a Motioune vun der Chamber, meeschtens eestëmmeg, am Laf vun dëser Législaturperiod festgehale ginn, net midd gi weider d'Regierung dozou unzehalen, fir dem Wonsch vun der Chamber nozekommen, an déi Engagementer, déi se hei feierlech agaangen ass, och ëmzesetzen. Dat gëllt am Justiz- an am Sécherheetsberäich fir d'Reform vum Service de Renseignement, wou no aacht an en halleft Joer schéngt elo Land a Siicht ze sinn. Dat heescht, d'Regierung schéngt wëllen der Chamber en ofstëmmungsfäegen Text an deenen nächste Woche virzeleeën. Dat gëllt och fir déi besser Ofsécherung vun den Affer vun de Strofdelikter, en Dossier, deen och méi wéi véier Joer virläit, zumindest zënter dem Rapport Weiler vun 1998, wou déi dote Froe matdiskutéiert gi sinn.

Eis geet et drëm, dass mer mat all deene geplangte Gesetzesännerungen eis Strofprozessuerdnung moderniséieren, méi transparent maachen, a mir hoffen, dass weider Reforme wäerte schnell an deem ganze Beräich nokommen.

Wat elo méi spezifesch eis Proposition de loi ugeet, esou ass et richteg, wéi den Här Weiler dat ervirgehuewen huet, dass et a fënnef Punkten eigentlech Divergenze ginn zum ursprüngleche Regierungsprojet. Dat ass éischtens d'Plaz, wou mer déi nei Regelen iwwert de Repérage téléphonique sollen an eise Code d'instruction criminelle aschreiwen. Mir waren der Meenung, et soll een dat am selwechte Kapitel maachen, wou haut d'Ecoutes téléphoniques behandelt ginn, net well mer mengen, dass dat datselwecht wär, mee well mer mengen, dass dat awer zwou Facettë vun enger Kontroll vun den Telekommunikatiounen duerstellt, dass also e Lien tëschent deenen zwee Punkte besteet.

Déi zweet Iddi, déi eis ënnerscheet vun deem, wat am ursprüngleche Regierungsprojet war, ass, dass mer der Meenung waren, dass ee soll d'Gravitéit vun deenen Infraktiounen, wou en Untersuchungsriichter iwwerhaapt däerf op esou eng Mesure d'instruction zréckgräifen, méi héich usiedelen, wéi dat am Regierungstext de Fall ass.

Drëtt Differenz ass, dass mer drop halen, dass wann en Untersuchungsriichter décidéiert, ordonnéiert, fir esou Télefonskontrollen duerchzeféieren, dass da muss déi Décisioun, déi Ordonnance vum Untersuchungsriichter speziell motivéiert sinn, en fait et en droit.

Véiertens ass et eis wichteg, dass entgéint deem, wat am ursprüngleche Regierungsprojet stoung, deejéinegen, deem seng Télefonsverbindunge retracéiert gi sinn, esou schnell wéi méiglech informéiert gëtt, dass dat geschitt ass.

A fënneftens, anere wichtege Punkt, si mer der Meenung, dass et drëm geet fir eng Parallell ze zéie mat deene Schutzbestëmmungen, déi mer haut am Kader vun den Ecoutes téléphoniques hunn, an dass beim Repérage vun de Télefonsverbindungen et och sollt zu enger Zerstéierung vun deene gesammelten Date kommen, wa se zu kengem Resultat an der Instruktioun gefouert hunn, respektiv wa se Donnéeë betréffe vun net ugeklote Persounen.

Wann een elo kuckt, wat den Text ass, deen d'Commission juridique zréckbehält, da stellt ee fest, dass vun deene Suggestiounen a Kriticken, déi mer formuléiert hunn, der dräi zréckbehale gi sinn an deem Text, deen d'Kommissioun proposéiert. An zwee anere Punkten ass et esou, dass d'Kommissioun do den Iwwerleeunge vum Statsrot a vun de Justiz- a Polizeiorganer Rechnung gedroen huet.

Deen Text, esou wéi d'Kommissioun e proposéiert, bréngt virun allem awer an eisen Aen, an dat ass wesentlech nach eng Kéier ze betounen, an dat wär dann entgéint deem, wat vu Kommentare vun engem Magistrat haut ze héiere war, wann en da vun der Chamber gestëmmt gëtt, eng däitlech Verbesserung, wat d'Rechter vum Justiciablen ugeet par rapport zu der gängeger Praxis. Wéi ass déi gängeg Praxis? Déi gängeg Praxis, an dat war guer net esou evident. Vill Juristen hu sech iwwerhaapt eréischt d'Fro gestallt, wéi mer konfrontéiert gi si mat där Kontroll vun den Télefonsverbindungen an der sozialistescher Fraktioun, wat dann eigentlech déi gesetzlech Basis vun esou enger Aktioun wär.

Eng spezifesch gesetzlech Basis gëtt et net bis haut hei zu Lëtzebuerg. Et gëtt sech an der Praxis referéiert op déi Dispositioune vum Code d'instruction criminelle, d'Artikele 65 an 66 haaptsächlech, déi d'Perquisitioun an d'Saisieë betreffen, d'Perquisitioun, déi gemaach gëtt an der Regel bei der Post oder beim Opérateur vum Télefon, wou dann eben iwwer eng Ordonnance vum Untersuchungsriichter, oder awer och am Kader vum flagrant délit, vun engem Officier de police judiciaire, respektiv vum Parquet kann eng Saisie vun deenen doten Donnéeë gemaach ginn, an esou retracéiert ginn, wat fir eng Verbindunge stattfonnt hunn, vu wat fir engem Apparat op wat fir een, an dann och a leschter Konsequenz, vu weem op ween. Dat ass haut déi gängeg Praxis. Déi gängeg Praxis, déi zënter Jorzéngte besteet, gëtt net genügend Garantië fir den eenzelne Bierger, deen ouni Mittäterschaft, ouni säi Wëssen an esou eng Affär, an esou eng Instruktioun eragezu gëtt. Firwat? Well eis Regele vun der Perquisitioun keng Gravitéit vun der Infraktioun virschreiwen. Et ka fir iergendee Verstouss géint de Code pénal an der Regel eng Perquisitioun an eng Saisie duerchgefouert ginn, wann et ëm d'Manifestatioun vun der Wourécht geet. Dat ass also vollkommen op, an dat ass net gutt.

Zweet Kritik un der gängeger Praxis ass, datt deejéinegen, deem seng Télefonsverbindungen an deem dote Mooss reperéiert gi sinn, net informéiert muss ginn, an an der Regel och net informéiert gëtt, datt dat geschitt ass. Dat bleift e Geheimnis am Kader vun enger Strofinstruktioun, wou hie selwer oft net mat implizéiert ass. Seng Donnéeë ginn awer herno jiddferengem zougängeg gemaach, deen an deem Strofdossier dran ass. Dat ass net gutt, dat muss also geännert ginn.

An drëtt fundamental Kritik un der bestehender Praxis vun dem Repérage téléphonique iwwert de Wee vu Perquisitioun a Saisie ass deen, datt wa sech erausstellt, datt déi Donnéeën näischt bréngen, déi Donnéeën awer am Dossier leie bleiwen, grad och wa se Drëttpersoune betreffen, déi guer näischt mat där penaler Instruktioun ze dinn hunn. Jiddfereen huet also weiderhin Zougank zu deenen doten Donnéeën a ka se eventuell och méssbräichlech asetzen.

Et ass also ganz kloer, datt ee sech net ka mat der Praxis vun haut an deem dote Beräich zefridde ginn. Et ass also noutwendeg, datt hei légiféréiert gëtt, an dat maache mer och haut.

Den Text, dee vun der Kommissioun proposéiert gëtt, ass, an dat stellt eis Fraktioun zefridden, méi restriktiv wéi aner Législatiounen an den Nopeschlänner. Och dat muss een ervirsträichen. Dat heescht, an där Pondératioun tëschent der Noutwendegkeet de Sécherheetsorganer e Maximum vu Moyenen ze ginn, fir géint d'Verbrieche virzegoen, an der Noutwendegkeet awer och de Schutz vu der Privatspheer an deem Ganzen net aus den Aen ze verléieren, gëtt mat deem Text, wéi d'Kommissioun e proposéiert, e Mélange vun der Proposition de loi an dem Projet de loi, eigentlech méi d'Balance ausgeriicht op de Schutz vun der Privatspheer a vun de perséinlechen Daten. Dat geet ganz kloer ervir, wann een dee proposéierten Text vergläicht mat der belscher Législatioun, wat e bëssen de Modell war, souwuel vun der Propositioun de loi wéi vum Projet de loi, mat der däitscher Législatioun, wou praktesch och alles méiglech ass an deem dote Beräich, wou praktesch keng Garantië si fir deejéinegen, deem seng Télefonsverbindunge repéréiert ginn, a wéi déi franséisch Praxis, well déi hunn eng ähnlech Situatioun, wéi mir se nach haut hei zu Lëtzebuerg kennen, déi hu keng speziell Texter. Och bei hinne leeft alles iwwert déi spezifesch Regelen, wat d'Perquisitioun an d'Saisie ugeet.

Perséinlech Daten am Privatliewe vum Eenzelne sinn also, wann deen heiten Text vun der Chamber akzeptéiert gëtt, besser geschützt, wéi dat haut am Ausland de Fall ass. Deen neien Text, deen eise Virschlési Rechnung dréit, bréngt en zefriddestellend Gläichgewiicht tëschent Sécherheet op där enger Säit a Schutz vun der Privatspheer op där anerer Säit.

Den Text däerf och net, dat schéngt mer wesentlech ze sinn, an dat seet de Conseil d'Etat ganz kloer a sengem Avis, dozou

mëssbraucht ginn, fir Mini-écouten duerchzeféieren. Fir iwwert deen heite Wee vun de Repérages téléphoniques ze fueren, muss u sech d'Verbindung eriwwer sinn. Et kann een net vun esou enger Autorisatioun profitéieren, fir sech a lafend Verbindungen eranzeschalten. Do gëllt dann déi spezifesch Regelung, wat d'Ecoutes téléphoniques ugeet, mat all deene Prozeduren a Garantien, déi domadder verbonne sinn.

Wat fir mech och ganz wichteg ass, dat ass, datt esou eng Décisioun fir Repérages téléphoniques ze maachen, nëmmen däerf duerch den Untersuchungsriichter ordonnéiert ginn. Et ass kloer, et handelt sech hei ëm eng sougenannte Compétence d'attribution vum Untersuchungsriichter. Hie kann net déi Pouvoiren do un anerer delegéieren. Dat heescht am Klortext, och am Kader vun engem flagrant délit däerf en Officier de police judiciare oder de Parquet esou eng Moossnam vu Repérage téléphonique net ordonnéieren. Dat ass eng exklusiv Kompetenz vum Untersuchungsriichter. Dat ass, mengen ech, och wichteg. An deem Sënn ass dee belschen Text och verbessert ginn op deem dote Punkt, wéi och op anere Punkten.

Fir eis ass och ganz wichteg, datt déi Iddi, déi a menger Proposition de loi dra war, fir ze soen, et ass wichteg, datt déi Motivatioun, déi den Untersuchungsriichter mécht, präzis genuch ass, datt dat net eng Formule de style ass, datt mer déi an d'Interpretatioun vum Text erakréien iwwert den Avis vum Statsrot, awer och ausdrécklech iwwert de Rapport vun der juristescher Kommissioun, wou mer eis der Interpretatioun vum Statsrot uschléissen, a wou et ganz kloer ass, datt et sech heibäi ëm eng Formalité substantielle handelt. A wann den Untersuchungsriichter net en fait op déi Cause bezu genuch motivéiert, da kann dat d'Nullitéit vun där Ordonnance a vun där Mesure d'instruction mat sech bréngen. Et ass also wichteg, datt d'Motivatioun prezis ass, an datt et net eng allgemeng Motivatioun ass, en Ofschreiwe vum Gesetzestext. Dat gëtt net akzeptéiert an der Belsch, an dat wäert och op Grond vun eiser Interpretatioun net akzeptéiert gi vun de Lëtzebuerger Geriichter. Dat dréit also ganz kloer eise Bemierkunge Rechnung.

Dat si ganz wesentlech Punkten, wéi och deen anere Punkt, datt elo kloer ass, datt d'Informatioun vun deem Betraffene geschitt, schonn 12 Méint no der Ordonnance vum Untersuchungsriichter. Dat war eng Suggestioun vum Statsrot. Dat geet nach iwwer eis Propositiounen ewech, ass wäit ewech vun där ursprünglecher Positioun vun der Regierung a deem dote Punkt. Déi wollt 24 Méint Maximum kënne waarden no dem Ofschloss vun der Instruktioun. Hei ass dat anescht. Also de Betraffene gëtt ganz schnell informéiert mat engem maximalen Délai vun 12 Méint no der Ordonnance vum Untersuchungsriichter, wat de Repérage téléphonique ugeet. Dat ass ouni Zweiwel e ganz positive Punkt an deem dote Beräich.

Wesentlech, wéi gesot, bleift d'Fro, datt, ähnlech wéi mir dat haut bei den Ecoutë kennen, et herno och zu engem Eraushuelen aus dem Dossier kënnt, zu enger Zerstéierung vun deenen Daten, déi näischt bruecht hunn, an déi Drëttpersoune betreffen an esou enger Instructioun pénale. Do iwwerhuele mer genau déi Schutzbestëmmungen, wéi mer se haut am Code d'instruction criminelle kennen, wat d'Ecoutes téléphoniques ugeet, an all déi praktesch Schwieregkeeten, déi de Statsrot ugefouert huet an sengem Avis, kënnen eigentlech hei net gëllen, well déi gëllen am selwechte Mooss bei den Ecoutes téléphoniques. Or, dat Gesetz gëtt jo awer och hei am Land duerchgefouert, esou datt ech mengen, datt et richteg a gutt war, datt mer eis konnten op deem dote wesentleche Punkt eenegen, wat en Ausbau vun de Garantië vum eenzelne Bierger bedeit an deem spezifesche Fall.

Sécherlech wäert d'Fro opkommen, ob da mat deem heiten Text déi Ofhéieraktioun oder déi Télefonskontrollaktioun bei der sozialistescher Fraktioun an Zukunft ausgeschloss wär. D'Äntwert ass kloer neen. Mir kënne keen Text maachen, deen ausschléisst, datt am Kader vun enger Poursuite pénale d'Parteien, d'Gewerkschaften, d'-Presseorganer, ähnlech sensibel Organer, sensibel Beräicher eigentlech ënner esou eng Moossnam falen, wa se vun engem Untersuchungsriichter ordonnéiert gëtt. Mee datt mer wëssen, datt et net gutt ass, datt ouni schwéierwiegend Verdachtsmomenter esou Mesures d'instruction duerchgefouert ginn, dat ass ganz kloer an dorun däerf, mengen ech, keen Zweifel bestoen.

Et ass also fir eis ganz wichteg, datt niewent den Texter, och wierklech Suergfalt geluegt gëtt op d'Applikatioun vun de Gesetzestexter, besonnesch am Beräich vum Strofrecht, wou et wichteg ass, dass den Untersuchungsriichter mat deem néidegen Discernement, mat Fangerspëtzegefill, an och Ofweie vun deenen eenzelne Wäerter, déi en cause sinn, virgeet an dem Prinzip vun der Verhältnisméissegkeet Rechnung dréit, vun de Moyenen, déi en asetzt, fir eppes erauszefannen an dem Enjeu eigentlech vun där ganzer Enquête, déi en duerchzeféieren huet. Vläicht wier et net schlecht, wann de Justizminister ufänkt allgemeng Instruktiounen ze ginn un de Parquet, dass en och op déi dote gëlle Regelen nach eng Kéier hiweist, ënner anerem d'Regel vun der Verhältnisméissegkeet, déi, mengen ech, och am Strofrecht, an den Instruktiounen e ganz wesentleche Punkt ass.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Ech widderhuelen nach eng Kéier, dass, an eisen Aen, deen heiten Text zefriddestellend ass, well e versicht eng Symbios ze maache vun de Regierungsvirstellungen a vun deene Virstellungen, déi mir an eiser Propositioun de loi geäussert hunn. Ech hoffen, dass aner Reformen an deem dote Beräich wäerte folgen. Mir sinn der Meenung, dass mer hei e Schrëtt gemaach hunn an engem klengen Deelberäich, mä awer net onwesentlechen Deelberäich vun engem méi moderne Strofrecht, wou d'Transparenz gepaart gëtt mat genügend Mëttele fir fir Sécherheet ze suergen, an dofir wäert eis Fraktioun deen heiten Text och stëmmen.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Laurent Mosar.

***Discussion générale***

**M. Laurent Mosar** *(CSV)*.- Här President, dir Dammen a Dir Hären, mäi Fraktiounspresident Lucien Weiler huet als Rapporteur vun dësem Gesetzesprojet eng exhaustiv Beliichtung vu sengen Elementer, vu sengem Fundament a besonnesch vu senger Noutwendegkeet gemaach. Ech wëll him am Numm vun der Fraktioun fir déi excellent Aarbecht merci soen, an enger Matière, déi net einfach ass an déi hie mat ganz vill Fangerspëtzegefill gemeeschtert huet. A mäi Merci wëll ech awer och de Kolleeg Alex Bodry aschléissen, deen a senger Gesetzespropositioun eng Rei vun interessanten Ureegunge gemaach huet, déi sech jo dann och deelweis am definitive Gesetzestext erëmfannen.

Ech wëll ganz kuerz op den d'Historik agoen a vläicht eppes redresséieren, wat den Här Bodry virdrun net gesot huet. Ech mengen, et misst een awer fairerweis soen, datt déi éischt Initiativ, déi an dëser Problematik geholl ginn ass, a sech sech erëmfonnt huet an engem Avant-projet de loi vum Justizminister.

***(Interruption)***

Et ass also net ganz richteg, Här Bodry, wann een dat elo esou duerstellt.

***(Interruption)***

Neen, ech wëllt Iech just soen, datt et awer net ganz richteg ass, wann een hei wëllt dann e bëssen esou maachen, wéi wann dee ganze Projet de loi schlussendlech nëmmen duerch d'Proposition de loi vum Här Bodry hei virugedriwwe gi wär, mä ech mengen, d'Ufanksetapp war u sech den Avant-projet de loi vum Här Justizminister Frieden. Dat wollt ech nach eng Kéier fairerweis hei relevéieren.

Här President, de Projet, dee mer dann haut diskutéieren, ass d'Resultat vun engem Konsensus, dee sech tëschent dem ursprüngleche Projet, esou wéi e vum Justizminister déposéiert ginn ass, der Gesetzespropositioun vum Alex Bodry an awer och de Virschléi vum Statsrot ofgezeechent huet. Oft ass et jo esou, datt wa méi Käch un enger Zopp kachen, se meeschtens versalzt oder verpeffert ass. Hei ass dat awer manifestement net de Fall, well ech iwwerzeegt sinn, datt dësen Text en équilibréierten, mä awer och en effizienten Text ass, deen déi Gradwanderung tëschent op där enger Säit der Noutwendegkeet vu Sécherheet an op där anerer Säit de Respekt vun de perséinliche Fräiheeten op eng effikass Aart a Weis fäerdeg bréngt. Dës Gradwanderung gouf et nach ëmmer, a besonnesch no den Evénementer vum 11. September 2001 si se an hirer Drénglechkeet verschäerft ginn, besonnesch well d'Sécherheet vun deem Dag un eng konkret Préoccupatioun fir all Mënsch op dëser Welt ginn ass. A wou de Ruff no Sécherheet entsteet, do entsteet ipso facto de Risiko vu enger Aschränkung vun de perséinleche Fräiheeten.

Wéi schwiereg esou eng Gradwanderung tëschent Sécherheet a Schutz vun de perséinleche Fräiheeten ass, konnte mer an de leschten Deeg jo erëm eng Kéier feststellen, wéi an enger gewëssener Press op eng ondifferenzéiert Manéier mat der Angscht vun de Leit virun terroristeschen Uschléi gespillt ginn ass, a pauschal mam Fanger op gewësse Communautéiten an eisem Land gewise ginn ass.

Här President, d'Suerg, fir dem Bierger eng optimal Sécherheet ze garantéieren, dierf net dozou féieren, Prinzipië wéi de Schutz vum Privatliewe vun all Bierger, esou wéi d'Présomption d'innocence ausser Kraaft ze setzen. Et ass dofir e grousse Mérite vun dësem Projet, datt en ausgewogen ass an deem Spannungsfeld tëschent Sécherheet a perséinlecher Fräiheet.

De Repérage an d'Lokalisatioun vun Télefonsgespréicher an aneren Telekommunikatioune ginn duerch dëst Gesetz op eng zolidd juristesch Basis gestallt. Dës Basis ass grad esou noutwendeg wéi d'Moossnam selwer, well kee kann haut méi drun zweifelen, datt a ville Fäll d'Ortung vu Kommunikatiounen tëschent Delinquenten a Verbriecher ëmsou méi noutwendeg ginn ass, wéi d'Vielfalt vun deene Telekommunikatiounsmethoden zougeholl huet.

Ech wëll och op dee Punkt agoen, dee mäi Fraktiounskolleeg Lucien Weiler scho virdrun hei opgeworf huet, an op deen Interview vun engem eminente Member vum Parquet de Mëtteg an den Noriichten agoen. Ech war grad esou erstaunt wéi mäi Kolleeg Lucien Weiler, well et jo a sech onüblech ass, datt e Member vum Parquet am Virfeld e Projet de loi kommentéiert. Dat ass schonn e bëssen eng speziell Prozedur, déi do utiliséiert ginn ass.

Wat mech awer ganz besonnesch gestéiert huet bei deem Interview, dat ass, datt do en eminente Juge d'instruction behaapt huet, et wär nach ëmmer eng gesetzlech Basis do gewiescht fir esou Repéragen. Or, ech mengen, esouwuel de Lucien Weiler wéi den Alex Bodry hu ganz kloer virdru gesot, datt deem net esou ass, datt bis elo keng kloer gesetzlech Basis an dëser Matière bestanen huet, an dës gesetzlech Basis eréischt elo duerch dëst Gesetz geschafe gëtt.

Déi Méiglechkeet, déi dann och dëst Gesetz festschreift, fir kënne gewëssen Telekommunikatiounen nozevollzéien, ass absolut noutwendeg, wann ee wëllt mat deenen ëmmer méi perfektionéierte Methode vun all Zorte vu Kriminalitéit mathalen.

Ech wëllt dann och an dësem Kontext op den Avis vun eiser Commission de l'Egalité des Chances hiweisen, déi op d'Wichtegkeet vun dësen Investigatiounsmethoden higewisen huet, fir zum Beispill d'Auteure vun Harcèlement iwwer Télefon ze ermëttelen.

Déi Methoden, déi also elo an dësem Gesetz festgeschriwwe ginn, sollen dozou bäidroen déi Persounen ze ermëttelen, déi op déi modernste Kommunikatiounsméiglechkeeten zréckgräifen, fir hir kriminell Aktivitéiten auszeüben.

Wann ëmfaassend ermëttelt muss ginn, datt eng vum Juge d'instruction verfügten Opération de repérage oder Lokalisatioun sech op d'mannst an enger éischter Phas kann op Leit bezéien, déi direkt mat der Dot näischt ze dinn hunn. Ech ënnersträichen op dëser Plaz nach eng Kéier, datt mer et hei net mat dem Oflauschtere vun Télefonsgespréicher ze dinn hunn, wat vill méi eng cibléiert an aschneidend Ermëttlungsmethod ass, beim Repérage oder bei der Lokalisatioun geet et fir d'alleréischt emol drëm, d'Apparater an dann eréischt d'Leit ze ermëttelen.

Well also an enger éischter Phas just den Apparat ermëttelt gëtt, kënnen op dës Manéier Bierger mat engem Vergoen oder Verbriechen a Verbindung bruecht ginn, déi an der Realitéit näischt domadder ze dinn hunn. Do kann ee sech zum Beispill e geklautenen oder verluerene GSM virstellen, d'Notzung vun enger friemer E-mail-Adress an aner technesch Méiglechkeeten, well grad jo déi organiséiert Kriminalitéit net virdrun zréckschreckt, fir hir Kommunikatioun esou ze tarnen, datt se zum Beispill iwwer Internet kann am Numm vun total onbescholtene Bierger gefouert ginn.

Et ass also wichteg, datt d'Leit, déi direkt näischt mat enger krimineller Dot ze dinn hunn, deenen hire GSM zum Beispill benotzt gëtt, net duerch Ermëttlunge belaascht ginn. Genee dorëm geet et an dësem Projet de loi.

De Repérage an d'Lokalisatioun sinn nëmmen een Element vun enger bestëmmter Ermëttlung. Ginn elo Kommunikatioune vu Leit zréckverfollegt, déi onbescholte Bierger sinn an et och bleiwen, da kréie se net nëmmen - an dat schéngt mer an engem Rechtsstat selbstverständlech ze sinn - d'-Matdeelung banne Joresfrist driwwer gemaach, datt hir Kommunikatioune repéréiert goufen, mee virun allem ginn d'Resultater vun dëse Moossnamen an esou engem Fall zerstéiert, wou et net zu enger Uklo kënnt géint déi Persounen, deenen hir Kommunikatioune repéréiert goufen.

Mee net nëmme gëtt de Bierger, deem säin Télefonsapparat zum Beispill repéréiert ginn ass, iwwert dës Moossnam informéiert, mee hie kritt och d'Recht hei eventuell juristesch Schrëtt anzeleeden, wann hie mat der Manéier, wéi dës Repéragë virgeholl gi sinn, net averstanen ass.

Repérage heescht also a kengem Fall direkt datselwecht wéi den Déclenchement vun enger Enquête, respektiv enger Uklo. Zu enger Uklo kann et nëmmen da kommen, wann d'Repéragen e bestëmmtene Verdacht bestätegen, deen onofhängeg vun hinne souwisou bestanen hätt. Ginn zoufälleg am Kader vun esou enger Moossnam enger Persoun hir Kommunikatiounen novollzunn, déi awer direkt näischt mat deenen Infraktiounen ze dinn huet, da verschwannen d'Informatiounen heiriwwer natierlech och erëm aus de Polizeifichieren. Dëst schéngt mer eng wesentlech Garantie ze sinn, fir ze verhënneren, datt Donnéeën iwwer Bierger gespäichert bleiwen, déi sech absolut guer näischt zu Scholde komme gelooss hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll op dës Tatsaachen insistéieren, well ech frou driwwer sinn, datt et eis an der zoustänneger Kommissioun gelongen ass, fir d'verständlech Préoccupatiounen, déi d'Sécherheet vun eis alleguerte betreffen, mat de biergerleche Fräiheeten an Aklang ze bréngen, an domadder déi schwiereg Gradwanderung, déi ech am Ufank vu mengen Ausféierunge geschildert hunn, op eng optimal Manéier ze bewältegen. Dëst gesot, bleift mer just nach den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ze bréngen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Simone Beissel agedroen. D'Mme Beissel huet d'Wuert.

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt och dem Rapporteur Lucien Weiler merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport, an och dem Kolleeg Alex Bodry fir seng gutt fondéiert Initiativ.

Dat Gesetz, dat mir haut stëmme sollen, ass e Gesetz iwwer e brisant Thema. Mir sinn eis alleguerte bewosst, dass mir hei un engem vun de Fundamenter vun eisem demokratesche Rechtsstat légiféréiere wëllen. Wat wëlle mir, ëm wat geet et?

Et geet drëm e Kader ze schafen, wou et dem Bierger méiglech ass an et och bleift, sech an enger maximaler Fräiheet ze entfalen. Dozou gehéiert natierlech och, seng Privatspheer ze schützen. Op där anerer Säit kënne mir nëmmen en Zesummesinn a Fräiheet a Sécherheet garantéieren, wann déi Gesetzer, déi op demokratieschem Wee gestëmmt gi sinn, och richteg agehale ginn, well et gëtt keng Fräiheet ouni Sécherheet a Rechtssécherheet am Besonneschen. Dofir muss de Pouvoir judiciaire och genuch Méiglechkeete kréien, fir d'Infraktiounen an hir Auteuren - an ech zitéieren de Procureur Roby Biwer: "…par des méthodes plus anticipatives" - festzestellen a répriméieren ze kënnen.

Et muss also eis éischt Prioritéit sinn, dësen Equiliber ze erhalen, Equiliber, deen deelweis Spagatübunge verlaangt, well mir kënne séier op där enger Säit an de Chaos ofrutschen oder op där anerer Säit Allurë vun engem totalitäre Regime entwéckelen. Dat richtegt Doséiere vun de Moyenen, wéi schonn hei ugeklongen ass, d'Applikatioun vum Principe de proportionnalité, déi eise Pouvoir judiciaire zu senger Verfügung huet, fir d'Kriminalitéit ze bekämpfen, ouni awer abusiv an d'Privatspheer vum Bierger anzegräifen, waren deemno eis Haaptsuerg an der Commission juridique, wéi mir un dësem Text geschafft hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir erënnert Iech alleguerten un déi Diskussiounen, déi mir an der Chamber haten am Zesummenhank mat der sougenannter Télefonsaffär. Et ass gestridden a polemiséiert gi ronderëm dësen Incident. Ech sinn der Meenung, dass déi ganz Diskussiounen awer wichteg waren a sécher dozou bäigedroen hunn, dass mir haut kënnen dëse Gesetzesprojet debattéieren an ofstëmmen.

Eng vun den entscheedende Froen an dëser Affär war jo déi, ob den Equiliber tëschent de Moyenen an de verfollegten Ziler nach respektéiert wär. Dës Fro konnt, a mengen Aen, nëmmen opkommen, well den deemolege legislative Kader net ausreechent war an esou an der Öffentlechkeet konnt d'Gefill opkommen, dass de Pouvoir judiciaire d'Méiglechkeet hat an engem Vide juridique Télefonsgespréicher ze repéréieren.

Wéi ech scho virdru gesot hunn, légiféréiere mir hei un dem Häerzsteck vun eiser Demokratie. Et geet ëm dem Bierger seng Grondfräiheet, de Respekt vu senger Privatspheer, déi jo zu den elementare Mënscherechter gehéiert. Dat ass och d'Ursaach, firwat d'Kommissioun an hiren Aarbechten op esou vill wéi méiglech verschidden Avisen zréckgegraff huet. Esou goufen de Projet de loi vum Justizminister an d'Proposition de loi vum Alex Bodry an der Kommissioun analyséiert an deelweis an dëse Projet de loi intégréiert. Et war ons besonnesch wichteg, ons op een Text ze fokusséieren, dee vun enger Majoritéit vun all den demokrateschen Acteuren akzeptéiert kënnt ginn. Et kann ee sech iwwerhaapt d'Fro stellen, mat deem wat esou dobausse leeft a wéi och eis Gesetzgebung vu virdru war, ob mer iwwerhaapt hu missen an dësem Domän e Gesetz preparéieren, dat mer haut solle stëmmen.

D'Fro: Ginn d'Moyenen, déi eiser Justiz de Moment zur Verfügung stinn, dann net duer? Ech wëll net op d'Aussoe vum Instruktiounsriichter vun haut de Mëtteg zréckkommen. Ech huelen dozou net Stellung. Jiddefalls ass et esou, dass wa virdru Saache gemaach gi sinn, een awer ka berechtegt Zweifelen hunn iwwert d'Base légale vun deenen Aktiounen, an dat éischter op enger extrem larger Interprétatioun vum Artikel 88 (1) an (2) vum Code d'instruction criminelle fousst, wéi op enger Base légale, déi wierklech juristesch an haaptsächlech par rapport zu der europäescher Mënscherechtskonventioun fundéiert ass.

Also, hu mer déi Moyenen oder hu mer se net? Wéi wäit si se legal? Ech mengen, ech hu schonn een Deel vun der Äntwert a menger Ried geliwwert. D'Télefonsaffär huet einfach gewisen, dass an deem sensiblen Domän nach net genuch Garantië fir de Bierger an eiser Gesetzgebung agebaut sinn, egal wéi dat och vu bestëmmte Säiten interprétéiert gëtt. Mee dat ass nëmmen en Deel vun der Äntwert.

Mir wëssen alleguer, dass d'Technologien immens Fortschrëtter gemaach hunn a mat hir hu sech leider och déi kriminell Energië weider entwéckelt. Déi klassesch Moyene vun eiser Justiz ginn hei oft net méi duer. Duerch déi nei Telekommunikatiounsméiglechkeete gëtt et ëmmer méi einfach, fir e kriminelle Grupp sech ze organiséieren, gutt ze organiséieren, ouni sech am Prinzip vill ze gesinn, dat heescht, ouni physesch beiëneen ze kommen. Hei muss d'Justiz einfach nei a besser Méiglechkeeten zougestane kréien.

Här President, et ass elo e bësse méi wéi ee Joer hier, dass d'Welt op brutal Aart a Weis domat konfrontéiert gouf, zu wat e gutt organiséierte kriminellen an terroristesche Grupp fäeg ass. E-mail an Handy waren déi préféréiert Kommunikatiounsmëttel vun den Terroristen. An ech mengen, eng vun de Lektiounen, déi mer mussen aus dem 11. September 2001 zéien, ass déi, dass et wichteg ass eise Justizapparat dem Fortschrëtt unzepassen. Ech denken, dass all Bierger dozou bereet ass, seng Fräiheet e bëssen anzeschränken, falls et ëm seng Sécherheet geet, an e strenge legislative Kader am Viraus all potentiell Abuë vun der Justiz ausschléisst.

De Rapporteur huet a senger Ried schonn drop higewisen, dass et an dësem Gesetz exklusiv ëm de Repérage téléphonique an net ëm d'Ofhéiere vun engem akuten Télefonsgespréich geet. Et geet also drëm, fir erauszefanne mat wiem a wéini de Verdächtegen iwwer e gewëssenen Zäitraum télefonesch a Kontakt war. Dobäi geet et drëm, fir de Krees vun de Verdächtegen oder de wichtege Leit an enger Affär ze complétéieren. Et geet also net drëm, fir erauszefannen, wat um Télefon diskutéiert gouf.

Den Ënnerscheed ass kapital, well de Repérage téléphonique domat eng vill manner invasiv Moossnam ass, wéi d'Oflauschtere vum Télefonsgespréich. Fir awer all Konfusioun tëschent deenen zwou Moossnamen ze verhënneren, hu mer opgepasst, dass am Projet de loi déi nei Dispositiounen am Code d'instruction criminelle net ënnert d'Dispositioune vun den Ecoutes téléphoniques ënnerbruecht ginn, dat heescht, d'Artikelen 88-1, 88-2 an esou weider, mee au contraire, et ass eng kloer Trennungslinn gezu ginn. De Repérage téléphonique gëtt considéréiert, wéi ee vun de Mëttel, déi ënnert d'Perquisitiounen an d'Saisië vun Dokumenter rangéiert ginn an dofir krut en eng nei Plaz am Code d'instruction criminelle mat engem neien Artikel 67-1.

Wéini ass de Repérage téléphonique eng Moossnam, déi ubruecht ass? Kann den Untersuchungsriichter dës Moossnam einfach beschléissen? Wéi muss hie sech justifizéieren? Dës Froe goufen alleguer bei der sougenannter Télefonsaffär öfters gestallt. An dësem Gesetzesprojet droe mer hinnen alleguerte Rechnung.

1. Den Untersuchungsriichter kann nëmmen dann op dës Mesure zréckgräifen, wann eng Infraktioun mat enger Minimalstrof vu mindestens sechs Méint Prisong virläit. Déi sechs Méint goufen zréckbehalen, well et sech hei schonn ëm relativ schlëmm Infraktiounen handelt, déi en Agréff an d'Privatspheer vun de Verdächtege justifizéieren. Zum Beispill falsche Bommenalarm, Télefonsbelästegungen, wat haaptsächlech d'Frae betrëfft, d'Violatioun vum Secret professionnel, asw.

Do derniewent - dat ass ganz wichteg am Interesse vun der Protektioun vun eise Bierger - muss den Untersuchungsriichter dës Moossname justifizéieren, motivéieren an dem Statsanwalt en Dokument mat senge Motiver virleeën. De Projet gesäit och vir, dass den Untersuchungsriichter an deem Dokument muss d'Dauer vum Repérage festleeën, ouni dass déi kann ee Mount iwwerschreiden, mee si kann zwar ënnert deene selwechte Konditiounen erneiert ginn.

Dës Justificatioun vum Untersuchungsriichter ass net nëmmen eng Formalitéit, wéi den Alex Bodry gesot huet, et ass keng Clause de style, keng Formulation de style. Et kéint ee praktesch soen, si ka gläichgestallt gi mat enger regelrechter Condition de fond. Et geet also net duer, dass den Untersuchungsriichter e Standardargument liwwert, mee hie muss eng präzis Indikatioun iwwert d'faktuell Ëmstänn vun der Affär ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt, ewéi e restriktiven, contraignante Formalismus an dësem Gesetzesprojet virgesinn ass. Dëse Formalismus soll sécherstellen, dass d'Rechter an d'Fräiheete vum Bierger garantéiert sinn a si virun allen eventuellen Abuse geschützt sinn. Wann zum Beispill aus iergendengem Grond, den Untersuchungsriichter de Repérage téléphonique net uerdentlech motivéiert, dann ass dat e substantielle Formfeeler, dee kann eng Nullitéit vun der Moossnam als Konsequenz hunn.

Mee de Bierger kritt nach méi Garantië bei engem Repérage téléphonique. Esou muss hien nach während der Instruktioun vun der Mesure informéiert ginn, a spéitstens zwielef Méint nodeem den Untersuchungsriichter de Repérage téléphonique a senger Ordonnance ugeuerdnet huet. Op Recommandatioun vum Statsrot hi si mir an der Commission juridique, an dat ass jo och vu menge Virriedner ënnerstrach ginn, u sech méi wäit gaange wéi de Justizminister a sengem Projet de loi an den Här Bodry a senger Proposition de loi, mee mir wollten de Schutz vum Bierger awer nach verbesseren.

Mir sinn nämlech der Meenung, dass de Bierger e Recht op Informatioun huet, an dat esoubal wéi d'Instruktioun net méi duerch dës Informatioun behënnert gëtt. Falls d'Instruktioun keng Resultater bruecht huet, gesäit de Projet de loi och vir, dass dës Dokumenter vum Repérage zerstéiert ginn, an deem Mooss, wou se Persoune betreffen, déi net beschëllegt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn a menger Ried e puer Mol drop higewisen, wéi sensibel den Equiliber tëschent de Moossnamen, fir d'Kriminalitéit ze bekämpfen, an dem Respekt vun der Privatspheer vun de Bierger ass. Leider hate mir duerch d'Télefonsaffär e Beispill, an deem dësen Equiliber a Fro gestallt ginn ass. Leider hate mir awer och duerch den 11. September en zwar extreemt, mee reellt Beispill dofir, wéi wichteg et ass, dass eise Justizapparat déi richteg Moyene kritt, fir uerg Kriminalitéit, organiséiert Kriminalitéit, ze bekämpfen.

Dat Gesetz, wat mir haut wëlle stëmmen, dréit dësen zwee Objektiver Rechnung. Et setzt e prezise Kader op vun deene Fäll, wou op de Repérage téléphonique kann zréckgegraff ginn. Et definéiert e prezise Formalismus, deen den Untersuchungsriichter muss respektéieren, a gëtt dem Bierger, a mengen Aen, zimlech ausräichend Garantien, dass déi Donnéeë just fir effizient Instruktiounen agesat ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet, deen d'Rechtssécherheet zu Lëtzebuerg nees bestäerkt, als Garant vun de Mënscherechter an engem moderne Rechtsstat, kritt den Accord vun der ganzer DP-Fraktioun. Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mir deen Text am Ufank diskutéiert hunn, hu mir ons alleguerten erwaart, datt mer géingen e gudden Text erauskréien. An ech muss awer soen, datt mir als ADR fir deen Text, dee mir virleien hunn, net grad eng grouss Begeeschterung hunn. Ech erënnere mech drun, datt, wéi d'Interpellatioun vum honorabelen Här Bodry gemaach ginn ass, wéi mir déi hei diskutéiert hunn, datt dunn haart Wierder vu senger Säit, ganz haart Wierder, gefall sinn, datt geschwat ginn ass vu mat Kanounen op Spatze schéissen, datt eng Neutronebomm gezünt gi wier an datt mer hei misste reagéieren.

***(Interruptions)***

Nee, nee, nee, ech hunn den Text nogekuckt vum Tëscheruff vum Här Bodry am Laf vun den Debatten.

Ech wëll just awer elo e Verglach zéien, fir ze kucken, wat dat Gesetz bréngt par rapport zu där Situatioun, déi mir virun engem gudde Joer hei debattéiert hunn.

***(Interruptions)***

Oder zwee. Sou laang schonn? Et ass gutt, da rektifiéieren ech dat, datt mer viru gutt zwee Joer debattéiert hunn.

Deemools ass et drëm gaangen, datt e Minister eng Plainte gemaach huet wéinst Violation du secret professionnel géint Onbekannt. An doropper hin huet den Untersuchungsriichter iwwert den Artikel 65 vum Code de procédure pénale eng Perquisitioun bei der Post ordonnéiert an e Repérage gefrot vun deenen Télefonsgespréicher, déi vu Säite vum Enregistrement aus gemaach gi sinn.

Bei där Geleeënheet sinn natierlech och, wéi mer gewuer gi sinn, eng etlech Télefonsgespréicher bei der sozialistescher Fraktioun ofgehéiert ginn.

***(Interruptions)***

Also, net ofgehéiert ginn, ech mengen, repéréiert ginn. Loosse mer et esou soen: repéréiert.

Et ass also sou, wann een elo déiselwecht Situatioun hätt a mir dëse Gesetzestext haut gestëmmt hunn, a mir ginn op deemselwechte Pad nach eng Kéier zréck, datt nees e Minister eng Plainte mécht, datt nees en Untersuchungsriichter konfrontéiert ass mat enger Demande oder mat dem Intérêt, fir e Repérage téléphonique ze maachen, da muss ee kucken, ob den Untersuchungsriichter ënnert deenen ablëckleche Konditiounen datselwecht nach eng Kéier maache kann. Do muss ee soen, datt een am neien Artikel 67-1.- (1) Folgendes liest: "Lorsque le juge d'instruction est saisi de faits qui comportent une peine criminelle ou une peine correctionnelle dont le maximum est égal ou supérieur à six mois d'emprisonnement, il peut faire procéder au repérage."

Et gëtt also kloer gesot, datt eng vun deene Konditiounen, déi ass, datt minimum eng Peine d'emprisonnement maximale vu sechs Méint oder méi muss bestoen. Wann ech nun den Artikel 458 vum Code pénal liesen, da liesen ech do: "Les personnes dépositaires par état ou par profession de secrets qu'on leur confie, qui les ont révélés, seront punies d'un emprisonnement de huit jours à six mois et d'une amende de 500 à 5.000 Euros."

Also, hei ass eng maximal Strof vu sechs Méint virgesinn. Dat heescht, datt den Untersuchungsriichter elo ënnert deeneselwechten Ëmstänn datselwecht nach eng Kéier kéint maachen, an dës Kéier mat enger Base légale, déi souguer vun de sozialistesche Kolleegen unerkannt gëtt. Dofir froen ech mech: Firwat hu mer lo dat Ganzt esou gemaach, wou mer eng Base légale haten, déi vläicht net ganz kloer war, mee wou mer lo eng Base légale hunn, fir datselwecht ze maachen, ouni datt iergendwéi eng Diskussioun driwwer ka bestoen.

**M. le Président**.- Den Här Bodry wëllt Iech eng Fro stellen, Här Henckes.

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur*.- Ech wëll just eng ganz einfach Fro stellen. Wat fir en Text géif den Här Henckes proposéieren, fir déi dote Méiglechkeet auszeschalten?

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Ech hat geduecht...

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur*.- Ech war an der Sitzung vun der Commission juridique dobäi. Den Här Henckes huet ni déi Développementer do gemaach. Ech si ganz erstaunt, datt hie se elo hei am Plenum fir d'aller éischte Kéier mécht. Et ass eng Première. Mee ech wéisst elo awer da gären, wat fir e konkreten Text hie proposéiert, fir all senge Kriticke Rechnung ze droen.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Ech wollt hei just nëmme soen, datt mir ons bei dem Vote iwwert de Rapport enthalen hunn, mat där Begrënnung, déi ech hei uginn hunn, an datt mir kee Problem hunn, fir deen Text esou ze approuvéieren, wéi e virläit. Ech wëll just nëmme soen, datt dat Zil, wat d'sozialistesch Fraktioun hei hat, wéi se dat hei denunzéiert huet, datt dat, wat si betrëfft, op jiddfer Fall an d'Box gaangen ass. Dat ass dat, wat een hei muss festhalen. Well, wann ee sech lo eng eindeuteg Base légale gëtt, fir datt dat, wat een denunzéiert, nach eng Kéier ka geschéien, da kann ech soen, datt déi Neutronebomm, vun där den Här Bodry geschwat huet, explodéiert ass, mee ech weess net, wou se explodéiert, also op jiddfer Fall net ënnert de Sëtzer vun deenen anere Kolleegen hei.

Ech mengen, ech ka soen, datt deen Text, esou wéi en hei steet, ons kann zefriddestellen, awer datt d'Objektiv, wat mir virhaten, net grad dat ass, wat d'sozialistesch Fraktioun hei virgesinn huet.

**Une voix**.- Wat huet dat da mat der Enthalung vun Ärer Fraktioun ze dinn?

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Ech hunn net gesot, datt mir ons géingen enthalen.

***(Interruptions)***

Ech hu mech enthalen, well ech verschidde Remarken hei wollt maachen, fir datt herno d'sozialistesch Fraktioun engem net seet, Dir hutt Iech net enthalen, Dir hutt keng Remarque gemaach. Ech hat datvirgesinn an dofir wollt ech déi Remarken hei virbréngen.

**Une voix**.- Et gëtt ëmmer besser hei.

***(Interruptions)***

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Ech muss soen, datt mat all deene Prozeduren, déi mer hei an der Chamber oft diskutéieren, an déi leschte Kéier war et och passéiert, datt wann ee sech net bei engem Votum enthält, een net däerf kritesch Remarke méi zu engem Text maachen. Dofir zéie mir an Zukunft déi Prozedur an de Kommissiounen all Kéiers duerch, wa mir bei der Diskussioun e bësse méi kritesch Remarken zu engem Text wëlle maachen.

***(M. Willy Bourg prend la Présidence)***

**Une voix**.- Wéini kommen dann déi kritesch Remarken?

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Ma, ech hunn Iech elo eng gemaach.

***(Interruptions)***

Ech wollt mer dat awer erlaben, datt dat an deem ganze Kontext vläicht awer ze diskutéieren ass.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Ech hu just geduecht gehat ze verstoen, datt, wéi mer d'Diskussioun ugefaangen hunn, Här Weiler, dunn d'sozialistesch Kolleege wollten évitéieren, datt deeselwechte Repérage téléphonique ënnert deeneselwechten Ëmstänn nach eng Kéier kéint passéieren. Lo gesinn ech, datt mat deem nei-

en Text, dee mer elo stëmmen, datselwecht nach eng Kéier ka passéieren. Dat ass dat, wat ech wollt ervirsträichen.

An ech wollt e puer kritesch Bemierkunge maachen, well ech mer heiansdo Froe stellen, wa mer schonn eng Base légale hunn a mir änneren déi elo, dann ass dat fir den Untersuchungsriichter weider näischt, wéi datt en am Computer muss een Artikel duerch en aneren ersetzen. Dat ass dat, wat ech wollt hei ervirsträichen a wou ech mech froen, firwat een op esou ee Wee goe muss an nei Gesetzer muss maachen, wann et mat der ablécklecher Gesetzgebung grad esou gutt hätt kënne geschéien.

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur*.- Dann hätt Dir d'Motioun net däerfe stëmmen! Déi Motioun ass 2001 eestëmmeg ugeholl ginn. Dir hutt och d'Regierung mat opgefuerdert, e Projet de loi dohinner ze leeën.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Dir sot haut de Contraire vun deem vu virun zwee Joer.

**M. le Président**.- Här Bodry, loosst den Här Henckes schwätzen.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Ech si justement d'accord, well mer déi Motioun gestëmmt hunn. Mir hu geduecht, datt mer dann och missten en Text stëmmen, deen d'Problemer géing léisen, déi d'Sozialisten hei opgeworf haten.

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur*.- Dir wäert dach net aus Léift zu eis déi Motioun do guttgeheescht hunn?

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Also, ech erlabe mer hei just nuren ervirzesträichen, datt ee muss eng gewëssen Onlogik vu Säite vun de Sozialiste festhalen a wou ech och verstinn, datt d'sozialistesch Kolleegen net ganz frou sinn, datt een hinnen dat seet.

**Une voix**.- Wéi ass et da mat Ärer Logik?

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Wann Der mer nogelauschtert hutt, dann ass et relativ einfach, fir meng Logik ze verstoen.

***(Interruptions diverses)***

**M. le Président**.- Här Henckes, loosst Iech net stéieren a fuert weider an Ärem Discours.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Da muss ee sech d'Fro stellen: Wéi ass d'Situatioun vun där Persoun a wat geschitt mat hir, wa se déi verschidde Renseignementer, déi se am Kader vun engem Repérage téléphonique kritt huet, weidergëtt, a wa se se eventuell géing publizéieren? Do ass et esou, datt mer de 14. August 2000 en Artikel 505 vum Code pénal gestëmmt hunn, wou gesot ginn ass: "Ceux qui auront recelé en tout ou en partie les choses ou les biens incorporels", an dat Wuert ass wichteg, "enlevés, détournés ou obtenus à l'aide d'un crime ou d'un délit seront punis d'un emprisonnement de 15 jours à 5 ans et d'une amende de 251 euros à 5.000 euros".

Hei ass et also kloer, datt, wann eng Persoun Donnéeën, déi se krut, iergendwéi no baussen erausgëtt, da fält se ënnert dës Infraktioun vum Recel, vun der Hehlerei. An do ass dat eng ganz grav Sanktioun, déi hei vum Gesetz virgesinn ass. Ech gleewen dofir ganz wéineg, datt een hätt missen doriwwer eraus nach weider Schutzmoossnamen an d'Gesetz abauen. Et ass besser, wa se do stinn, mee et ass awer och ganz kloer, datt déi Menace vu fënnef Joer maximal Prisong awer och eppes ass, wat egal wien dorun hënnert, fir an Zukunft bei esou Saachen iwwerhaapt nach Donnéeën erauszeginn oder fir se ze utiliséieren à mauvais escient. An et ass dat, wat ee muss hei ervirsträichen. Wann herno verschidden Donnéeën net publizéiert oder zerstéiert ginn, dann ass dat souwisou, menger Meenung no, vu relativ wéinegem Intérêt, well mer gesinn, datt déi Strof vun der Hehlerei, vum Recel, sou grouss ass, datt ech net gleewen, datt nach iergendeen esou kéng ass fir mat Donnéeën, déi net an e Prozess gehéieren, Abüen ze dreiwen.

Wou ech mer nach e puer Froe stellen, dat ass beim Paragraph 3 vum Gesetz, wou gesot gëtt, datt déi Persoun, déi repéréiert ginn ass, zwielef Méint no der leschter Ordonnance muss informéiert ginn. U sech ass dat eng positiv Saach am Gesetz, mee et muss een awer och soen, datt ee sech an der Praxis froe muss, wéi dat vir sech wäert goen. Wann een zum Beispill an där Hypothees bleift, datt bei enger Administratioun gekuckt gëtt, ob net vun do aus verschidden Télefonsgespréicher gemaach gi si mat enger anerer Persoun, an de Repérage gëtt gemaach op Basis vun där Administratioun, muss dann d'Administratioun eleng informéiert ginn, datt e Repérage bei hinne gemaach ginn ass, oder mussen alleguer déi Persounen informéiert ginn, déi iergendwéi mat där Administratioun télefonéiert hunn?

Den Text schéngt mer esou ze verstoen ze sinn, datt de Repérage an d'Informatioun esou wäit muss goen, datt alleguerten déi Leit, déi iergendwéi mat där Persoun, wou de Repérage initiéiert ass, télefonéieren a wou nogekuckt gëtt, mussen informéiert ginn. Mee dann ass awer d'Portée vun deem, wat mer hei schreiwen, net grad ganz wäitreechent. Et ass dat de Grond, woufir mir zu dësem Gesetz jo soen, mee et ass e "oui mais", well et hätt grad esou gutt kënnen och ouni goen.

**M. le Président**.- Merci, Här Henckes. Déi nächst Riednerin ass d'Mme Wagener.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Bei deem Match tëschent der Regierung an dem Här Bodry, dee mer lo eng Zäit laang verfolgen, an deen am Fong ugefaang huet mat deene grave Faiten, déi sech duerch d'Aktivitéit vum Parquet bei der sozialistescher Partei erginn hunn, muss ee feststellen, datt dat Resultat, wat mer lo virleien hunn, eigentlech en dräi zu zwee fir d'Regierung ass.

Ech erkläre mech: Wann ee sech déi fënnef Punkten ukuckt, déi den Här Bodry virdrun hei opgezielt huet, da sinn der dräi, wou am Fong d'Regierung sech duerchgesat huet, respektiv d'Majoritéit, an zwee, wou am Text elo déi Propositioune vum Här Bodry souzesoen iwwerholl gi sinn.

Dat kann ee bedaueren, well et si Punkten dobäi, déi, eiser Meenung no, ganz wichteg sinn. D'Diskussioun ronderëm d'Fro, ob ee soll éischter deen Text hei bäisetzen bei d'Saisieën an d'Perquisitiounen oder ob een en als Leitversioun vun den Ecouten soll gesinn am Code iwwert d'Ecouten, ass vläicht méi eng technesch, méi eng juristesch Fro. Mee et ass awer en aneren Aspekt dobäi, an zwar dee vum Strofmooss vu wou un iwwerhaapt däerfe Repérage gemaach ginn, deen eis schéngt ee vun deenen Haaptpunkten an deem heiten Dossier ze sinn. Do si mer vun deenen zwee Joer, ëm déi et am Ufank gaangen ass, erofgaangen op sechs Méint. Do stellt een awer fest, datt ënnert déi Punkten, wou kann e Repérage gemaach ginn, elo awer eng ganz Rei vu Strofbestänn falen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Ech denken zum Beispill u méi kleng Drogendelikter, wou ech mer ka virstellen, dass dee Maximum vu mindestens sechs Méint duerchaus och dobäi ass. An et gëtt sécherlech am Beräich vun de Peinen eng ganz Rei aner Punkten, wou ee sech d'Fro awer däerf stellen: Ass et hei gerechtfertegt, dass mer schonn esou e grave Moyen asetzen, wéi dee vum Repérage téléphonique? Ech wäert herno nach op d'Problematik vum Harcèlement téléphonique zréckkommen, wat e bëssen en anere Fall ass.

Een drëtte Punkt, wou d'Regierung sech duerchgesat huet - dat kann een awer éischter positiv gesinn -, ass d'Motivatioun vum Richter. Do ginn ech dem Här Bodry och net ganz Recht, well esou wäit ech mech erënneren, war säin Text am Fong manner kloer. Do ass gesot ginn, et muss als indispensabel erkläert gi vum Untersuchungsriichter...

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur*.- Dat ass net wouer, mäin Text war do méi prezis. U sech ass dee Punkt iwwerholl ginn duerch d'Interpretatioun vun deem belschen Text, deen elo am Text steet, wou eng restriktiv Interpretatioun ass, déi eigentlech menger Iddi entgéint geet. Dofir steet et net 3:2, mee et ass Match null: 2½ zu 2½.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG)*.- Ech ginn dem Här Bodry zwar net ganz Recht, well wann ee säin Text noliest, da schéngt e mer méi allgemeng ze sinn an eben net déi prezis Motivatioun, déi de Riichter do muss ginn, ze enthalen.

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur*.- Do leit Der zwar falsch.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG)*.- Mee do kënne mer vläicht herno nach driwwer streiden.

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur*.- Dee Match musse mer anzwousch anescht ausdroen.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG)*.- Da kommen ech op déi zwee lescht Punkten. Dat ass d'Fro, wéi laang Zäit bleift, fir de Victimë Bescheed ze soen, dass Repéragë gemaach si ginn, wou mer vun deene 24 Méint zréckgaange sinn op zwielef Méint. Dat schéngt mer och ganz positiv ze sinn.

Dee leschte Punkt ass dee vun der Destruction des données, wann d'Repéragë kee Resultat bréngen. Och dat ass sécherlech e ganz wichtegen Aspekt an deem Gesetz hei, dass déi Donnéeën zerstéiert ginn a mir begréissen, dass dat bäikomm ass. Mee ech hu mech awer och schonn an der Kommissioun gefrot, wat dat dann heescht, wann d'Donnéeë kee Resultat bréngen. "Aucun résultat" steet am Text. Dat kann een op villfälteg Aart a Weis interpretéieren an ech hunn am Fong fonnt, datt een do méi exakt misst ginn, datt dat an der Praxis herno wäert och Problemer opwerfen, wat dann e Resultat ass, wat keent ass, a wéini een da gehalen ass, fir déi Donnéeën ze zerstéieren a wéini net. Do schéngt mir den Text e bësse schwaach ze sinn.

Da sinn e puer Punkten, wou mer net méi drop zréckkomm sinn, wou ee sech awer nach eng Kéier d'Fro ka stellen, firwat se net am Text erwähnt sinn. Dat sinn d'Ausnahmeregelungen, esou wéi se zum Beispill beim Oflauschtere virgesi sinn. Ech mengen, do ass e Saz dran iwwert d'Beruffsgeheimnis, dass dat net däerf violéiert ginn am Kader vun Ecouten. Mir haten d'Thematik kuerz opgeworf, ob zum Beispill den Affekoten hir Télefoner dierfte repéréiert ginn an déi vu Journalisten. De Ritter vun der Bankeplaz, den Här Mosar, huet och d'Fro vum Bankgeheimnis opgeworf. Mee mir sinn net méi op dee Sujet zréckkomm.

An dann, Här President, en Thema, mat deem mer eis relativ wéineg befaasst hunn, ass dat vun der Transparenz a vun der Kontroll. Den Här Bodry hat scho virun enger gudder Zäit hei am Parlament d'Fro opgeworf vun den Zuelen a bemängelt, dass de Parquet eis am Fong keng prezis Zuelen iwwert d'Repéragen an d'Lokalisatioune ginn hätt. Do ass deemools gemengt ginn, dass dat an Zukunft sécherlech géif besser ginn. A wann een déi Bréiwer kuckt, déi mer do zur Kenntnis kruten, dann ass effektiv op d'Zukunft verwise ginn, dass méi prezis Zuele géife virgeluegt ginn. Abbee, dat war am November 2000, wéi mir déi Bréiwer kruten. Mëttlerweil sinn zwee Joer an d'Land gaangen.

Ech wéilt d'Fro awer hei opwerfen, ob mer dann entre-temps besser a méi prezis Zuelen iwwert d'Repéragen an och d'Ecoutë kënne virgeluegt kréien. Et wär interessant ze wëssen, ob zum Beispill d'Repéragen an der Téschenzäit méi gi sinn oder manner, vläicht och op Grond vun deene Faiten, déi mer kennen an déi e ganz politeschen Débat entfacht hunn, dee sech vläicht positiv oder negativ op de Parquet ausgewierkt huet. An da kann een d'Fro och stellen, awéiwäit dann déi Repéragen, respektiv déi Ecoutë Resultater haten oder net, ob et Zuele gëtt dozou an awéiwäit se da konnten zerstéiert ginn oder net.

Ech mengen, datt hei eigentlech e jährlechen öffentleche Bericht noutwendeg wär iwwert den Asaz vun de Repéragen an den Ecouten, natierlech net mat den Télefonsnummeren, mee et misst een awer zumindest e statisteschen Iwwerbléck hunn iwwert d'Evolutioun vun deenen doten Aktivitéiten. An ech géif mengen, et wär och wichteg ze wëssen, wéi d'Zuel vun den Harcèlements téléphoniques évoluéiert, wéi vill Plainten do gemaach ginn. Och do gëtt et vläicht eng Evolutioun vum Phenomeen, mee mir wëssen et net. Et wier also wichteg, datt mer géifen och do méi Transparenz kréien.

Ech kéim dann an deem Kontext kuerz op den Avis vun der Commission de l'Egalité des Chances ze schwätzen, well déi sech jo och mat deem Thema befaasst huet, leider vläicht e bësse fréi, wéi mer nach um Niveau vun deenen éischte Projeten an Avant-projete woren, wou jo herno den Text awer substantiell geännert ginn ass. Mee ëmmerhin huet d'Kommissioun awer op d'Gravitéit vun der Problematik vun dësen Harcèlements téléphoniques higewisen, déi jo haaptsächlech Frae betreffen a wou et och ganz oft dann ëm Harcèlement sexuel geet. Dofir mengen ech, dass ee vläicht sech d'Fro hätt misse stellen, ob mer net hätte sollen an deem Gesetz hei, amplaz dass mer esou déif erofgaange si mam Strofmooss op sechs Méint, eng Ausnahmeregelung maachen, ob mer net hätte solle bei deenen zwee Joer bleiwe vu Strofmooss, an dann awer als Contrepartie gesot hätten, ausser bei den Harcèlements téléphoniques, wou d'office kënne Repéragë gemaach ginn.

Här President, da sinn nach zwee Punkten, déi och an där Motioun vu virun zwee Joer ugeschnidde gi sinn. Dat eent ass de Contrôle d'une autorité indépendante. Ech weess net, ob doduerch, dass mer d'Gesetz iwwert d'Protection des personnes en matière de données personnelles - ech weess net, ob ech den Titel richteg erëmginn -, wou mer jo eng Commission nationale net geschafen, mengen ech, mee reforméiert hunn, ob dat duergeet. Op alle Fall war dat och eng Fuerderung, déi deemools an där Motioun dra war. An ech wéilt do d'Fro stellen, awéiwäit déi Autorité indépendante sech scho mat deem heite Probleem befaasst huet, a vläicht éischt Resultater virzeweisen huet. Dat ass net esou evident, well mer dat Gesetz eréischt am Juli, mengen ech, gestëmmt hunn.

Den zweete Punkt, deen nach opbleift, ass dee vum Projet de loi iwwert de Service de renseignement. Et ass elo grad gesot ginn, an e puer Woche wäerte mer e virgeluegt kréien. Ech stelle just fest, dass dat dann deen ass, wou d'Regierung vläicht déi meeschte Méi hat, fir en Text auszeschaffen, well déi aner Projets de loi, déi unhängeg woren, si ganz schnell komm. Bei deem heite schéngt dat e bësse méi zéi ze sinn, mee, wéi gesot, mir wäerte jo dann elo geschwë konkret Texter virgeluegt kréien.

Här President, et ass net ganz vill iwwert d'Kommunikatiounsforme geschwat ginn an och den Text bleift relativ allgemeng. Mir wëssen awer, dass d'Technik an deem Beräich ganz schnell évoluéiert. Et ass gesot ginn, dass alles soll hei drënner falen, esouwuel d'SMSë wéi d'E-mailen, wéi och aner Forme vun Téleekommunikatiounen. Et stelle sech awer duerchaus konkret Problemer. Ech denken zum Beispill un d'Chatten oder un d'Forumen um Internet. Ech denken och un de Repérage vun deene Säiten, déi d'Leit uwielen, wa se op den Internet surfe ginn. Esou Froen hu mer eis eigentlech ganz wéineg an der Kommissioun gestallt an ech froe mech, ob deen Text, dee mer virleien hunn, duergeet fir all déi Saachen do mat anzebegräifen oder net, an ob et an der Praxis net och hei awer Problemer wäert schafen um Niveau vum Schutz vun der Privatsphär vun enger ganzer Rei vu Leit.

Dann en Thema, iwwert dat mer och net vill geschwat hunn. Et ass dat vun den Opérateurs de réseaux, well déi si jo hei ganz kloer gefuerdert. D'Perquisitioune gi bei hinne gemaach an do stellt sech dann natierlech och d'Fro vun der Sécherheet vun den Données à caractère personnel. Ech wéilt zum Beispill wëssen, wéi dat an deene Firme geregelt ass, ob et do ganz prezis Leit ginn, déi an de Kontakt komme mat deenen Donnéeën, a wéi do d'Privatspheer vun de Leit geschützt gëtt?

Et stellt sech och d'Fro vun den Hacker. Ech hunn e bëssen um Internet nogekuckt an do gelies, dass et anscheinend eng Liichtegkeet ass, fir en einegermoosse gudden Hacker fir bei den Operateuren eranzekommen. Dat ass elo net eleng de Problem vun deem heite Gesetz. Dat ass eng méi vaste Problematik, mee et kann ee sech awer d'Fro stellen, ob mer do genuch Schutz hunn, an an deem Kontext wéilt ech och eng Propositioun de directive uschwätzen, déi am Raum steet an déi wahrscheinlech ee weideren Agréff an d'Privatspheer bedeit.

Ech schwätze vun enger Reform vun der Direktiv vun 1997 iwwert d'Protection des données et des informations dans le domaine des télécommunications. Do huet déi europäesch Associatioun Statewatch am Summer en Aarbechtsdokument um EU-Conseil public gemaach, wou dra gesot gëtt, dass d'Durée vun der Conservatioun vun den Données de connexion, also déi Donnéeën, iwwert déi mir hei an dësem Projet schwätzen, örtlech an zäitlech Lokaliséierung, Nummeren, Fax-envoiën, elektronesch Adressen, Internetsiten, déi visitéiert goufen, dass déi vun den Opérateuren net méi kënnen direkt zerstéiert ginn, nodeems dass déi hir Rechnunge geschriwwen hunn, mee dass déi Donnéeë solle 24 Méint versuergt

ginn. Dat schaaft net nëmmen d'Fro vum Finanzéiere vun där doter Operatioun, well déi Finanzéierung wahrscheinlech géif op d'Opérateuren zréckfalen, an dat schaaft enorm Käschten, mee dat stellt virun allem d'Fro, wéi et dann hei mam Dateschutz ass.

Ech hätt nawell ganz gär Opklärung gehat, wat d'Linn vu Lëtzebuerg an där Fro ass. Et ass anscheinend esou gewiescht, dass de Conseil e Questionnaire un all Regierung geschéckt huet. Ech wollt wëssen, wéi d'Lëtzebuerger Regierung sech positionéiert huet oder wäert positionéieren an ech denken och, dass et e klassesche Fall ass, wou d'Parlament gutt géif drun droen, fir sech am Virfeld mat där Matière ze befaassen, amplaz dass mer herno eng Direktiv dohinner gesat kréien, déi mer sollen transposéieren, wou da schonn eng ganz Rei vu Bestëmmungen dra sinn, wou ee sech awer wierklech Froe ka stellen, ob dat doten an déi gutt Richtung geet.

Här President, dat wor e klengen Exkurs, wou ech awer mengen, dass e wichteg ass, well en och drop hiweist, wéi eng Geforen an deem Domän vun den Ecouten a vun de Repéragë kënne leien. Ech wëllt dann awer nach eng Kéier zréckkommen op eis Positioun par rapport zu deem heite Projet a soen, dass mir eis wäerten enthalen. Ech kann och ganz kloer soen, dass ech an der Kommissioun mech bal bei allen Artikelen enthalen hunn. Et woren der eben eng Rei - ech hunn déi meescht och hei opgezielt -, wou mir awer fonnt hunn, dass Froen domat verbonne woren, am Ënnerscheed zum Här Henckes, deen iwwerall mat Jo gestëmmt huet, wéi mer de Vote gemaach hu par article, am Ënnerscheed awer och zum Här Bodry, deen, op enger Rei vu Punkten dogéint gestëmmt huet, awer, wann ech richteg verstanen hunn, dee Projet wëllt stëmmen.

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur.*- Ech mengen, als Législateur kann ee sech eng Enthalung net ëmmer leeschten op esou engem wichtege Punkt.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG).*- Här President, eis Abstentioun motivéiert sech domadder, dass mer zwar op verschidden Niveaue Fortschrëtter hunn, mee awer och op aneren Niveauen, eiser Meenung, no d'Dier ze wäit opmaachen an dat net genuch Kontroll an deem Gesetz virgesinn ass. An deen ee Punkt, deen ech virdrun ugedeit hunn, ass dee vun de Strofdoten. Den zweete Punkt ass dee vun der Destruktioun vun den Donnéeën, wou mir mengen, dass d'Situatioun net kloer genuch ass. Dofir, Här President, nach eng Kéier, mir wäerten eis beim Vote enthalen.

**M. le Président**.- Den Här Serge Urbany ass als leschten Diskussiounsriedner agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Här President, ech war bei all deenen Diskussiounen an Ärer Kommissioun net derbäi. Dofir kann ech hei fräi schwätzen. Dat Gesetz hei fënnt säin Ursprung jo an där sougenannter Télefonsaffär vu viru méi wéi zwee Joer. Et ass deemools offensichtlech ginn, dass d'Geriichter Télefonslistingen ufroe kënnen, fir festzestellen, wie mat wiem hei zu Lëtzebuerg télefonéiert huet. Dat nennt een da Repéragen.

Et ass deemools eng méi kloer gesetzlech Basis gefuerdert ginn, fir Mëssstänn ze verhënneren, déi dobäi entstoe kënnen, esou wéi dat och de Fall ass beim Oflauschtere vun Télefonen, wat jo gesetzlech geregelt ass. De Kontext vun deem heite Gesetz war also e politeschen. Implizéiert waren ee Minister als Plaignant a gläichzäiteg a Personalunion als Chef vun der Police judiciaire, déi d'Repéragë gemaach huet, e Journalist a Politiker, déi repéréiert gi sinn, well se mat deem um Télefon geschwat haten. Gesicht ass ginn no engem Beamten, dee Renseignementer vun enger gewësser Banalitéit un d'Press weidergeleet huet. Déi Ingrédiente sinn duergaangen, fir zu Lëtzebuerg eng Statsaffär draus ze maachen.

Dofir ass et och ze verstoen, dass dëse Projet hei mat ganz vill Skepsis muss gekuckt ginn, fir dass e sech och wierklech soll beschränken op déi berechtegt Fäll vun Télefonsrepéragen, wéi zum Beispill d'Fäll vun Harcèlement téléphonique, wéi zum Beispill falsche Bommenalarm oder falschen Alarm am allgemengen, an do wou se sech och opdrängen, zum Beispill a Fäll vu schwéierer Kriminalitéit.

Den Här Henckes huet virdrun hei gesot, dat wat do passéiert ass virun zwee Joer, wier och am Prinzip nach mat deem heite Gesetz méiglech. Ech mengen, dass ech him an deem Fall muss Recht ginn. Et wier een och mat deem heite Gesetz spéit gewuer ginn, wat do geschitt ass, an d'Ordonnancen hun och schonn deemools misse motivéiert ginn, esou dass am Fong geholl, wat dee konkrete Fall ugeet, deen hei zu Recht kritiséiert ginn ass, net esou vill geännert hätt.

Déi Législatioun hei huet dräi Voleten:

1. Et mus ee soen, dass en Deel vum Problem, d'Identifikatioun vun den Abonnéierten op Telekommunikatiounsservicer, scho quasi onbemierkt mam Gesetz iwwert den Dateschutz am Juli hei évacuéiert ginn ass, wat de Statsrot zu Recht kritiséiert huet als "approche éparse", wéi en dat genannt huet, iwwer zwee Gesetzer. Ech hat dat och hei bei der Debatt kritiséiert.

Dat Gesetz vum Juli gesäit en automateschen Accès iwwer Computer un d'Fichiere vun den Telekommunikatiounsprovidere vir, an zwar haaptsächlech fir folgend Instanzen: den Untersuchungsriichter am Kader vu legalen Télefonsécouten, de Geheimdéngscht am selwechte Kader, an d'Police judiciaire am Fall vu Crime oder Délit flagrant.

Déi Identifikatioune brauchen net méi extra ugefrot ze ginn. Et ass wéi gesot elo e permanenten Accès méiglech iwwert den Institut luxembourgeois de régulation. Et ass och beschränkt op konkret a relativ grav Infraktiounen, wou eng Peine drop steet vun zwee Joer, oder op e flagrant Délit. D'Fro bleift zwar, Här Minister, wéi dat an der Praxis geregelt gëtt, fir do Abüen ze verhënnere vun der Police, déi jo wuel net eng Ordonnance brauch fir all Identifikatioun, déi se ufreet.

Et ass och d'Fro, wéi dat geregelt gëtt beim Service de Renseignement. Deen ass jo souwisou par définition geheim. Do gi mer jo souwisou näischt gewuer, an deen huet och eng ganz Rei vu legale Méttelen, déi am Artikel 88-3 vum Code d'instruction festgehale sinn, fir kënnen nach vill méi ze maachen - loosst mer et emol esou nennen -, wéi einfach nëmmen Ecoutes téléphoniques oder Repérages téléphoniques.

2. Da gëtt mat deem heite Gesetz deen eigentleche Repérage téléphonique agefouert. Betraff sinn all déi Kommunikatiounsmëttelen, déi an der Tëschenzäit vill Leit benotzen, net nëmmen de fixen Télefon, mee och Handyen, Mail, Fax, SMSen, déi geschéckt ginn, Internetsäiten, déi gewielt ginn. De Repérage besteet jo materiell aus der Saisie vu Listingen an Dokumentatioune bei der Post an aneren Opérateuren, déi renseignéieren iwwert Dag, Stonn an Dauer vun der Fernverbindung. Och elo scho gi jo déi Listinge gefrot op Grond vum Droit commun vun de Perquisitiounen. Dofir huet de Parquet och gemengt zu engem gewëssene Moment, et hätt kee Wäert déi Praxis do ze änneren.

Wat awer hei effektiv ännert, dat ass, dass déi Repéragen nëmme wäerte méiglech si bei Infraktiounen, wou eng Prisongsstrof vu sechs Méint a méi dropsteet.

3. Drëttens sollen an deene gläiche Fäll och d'Lokalisatioun vun den Originen a vun der Destinatioun vum Uruff oder vum Mail zum Beispill méiglech gemaach ginn.

Ech weess awer net, an dat ass wierklech eng konkret Fro, déi ech emol wëll un den Här Minister richten, wéi dat technesch soll vir sech goen, well dat geet weder aus dem Text nach aus den Travaux parlementaires ervir. Et schéngt sech dobäi ëm eng Uertung ze handele vu lafende Kommunikatiounen, also net Repérage vu Kommunikatiounen, déi scho geschitt sinn, mee vu lafende Kommunikatiounen.

Ass et technesch méiglech, a virun allem ass et legal erwënscht duerch dat heite Gesetz, fir och zum Beispill de Contenu vun esou Verbindungen opzefänken? Da wier et jo keng Saisie méi, da wier et eng Ecoute téléphonique, eng Oflauschteraktioun ënner manner contraignante Bedingungen, wéi se elo am Code d'instruction criminelle drastinn, an domat eng wesentlech Verschlechterung. De Statsrot schéngt dat unzehuelen, well e schreift: „Le Conseil d'Etat aurait des difficultés à concevoir une mini-écoute et il se prononce très nettement contre le repérage, en tant que mesure d'interception des données d'appel en cours de transmission". Wa schonn de Statsrot dat esou interpretéiert, da muss een awer soen, do ass eng wesentlech Onsécherheet am Gesetz, wat ech besonnesch inakzeptabel en matière pénale et d'instruction criminelle fannen.

Dat Gesetz hei bitt wuel e gewësse Schutz a gewësse Fäll, mee och spéit a räichlech onkomplett, mee an zwee Fäll bréngt et ganz konkret eng Erliichterung fir d'Instanzen, déi esou Repéragë maachen. Dat ass den automateschen Accès fir Identifikatiounen nozefroe mat méiglechen Abüen, an zweetens d'Lokaliséierung vun Telekommunikatiounen en temps réel, och da wann Ecouten nom Gesetz net méi méiglech sinn, zum Beispill wann de Prévenu schonn eng Kéier verhéiert ginn ass.

Zum Seuil vu sechs Méint Prisong wëll ech dat heite soen: Et gëtt jo keng Statistiken iwwert déi Télefonsrepéragen. Mir wëssen och dofir net a wat fir Fäll, mat wat fir engem Resultat se ugewannt ginn. Mir hunn emol kaum richteg Informatiounen iwwert d'Ecoutes téléphoniques. Dobäi hat den Här Juncker nach gesot an der Debatt den 11. Oktober 2000, "wann dës Debatt dozou féiert, datt sech elo gefrot gëtt, wou ginn esou Listingen a wat fir Affäre gefrot, da war dat eng nëtzlech Debatt."

An der Belsch gëtt et e Gesetz, wat obligatoresch - et ass den Artikel 90-10 vum Code d'instruction criminelle - e Rapport annuel virgesäit, dee renseignéiert iwwert d'Zuel vun den Instruktiounen, hir Dauer, d'Zuel vun de betraffene Persounen an d'Resultater, déi esou Mesure bruecht hunn.

D'Proposition de loi Bodry huet zwee Joer Prisong virgesinn als Grenz. Ech fannen dat och berechtegt. Dat hätt déi Mesuren hei mat den Ecoutë gläichgestallt, an dat hätt och d'Repéragen, wou ech awer wierklech Zweifel hunn, ob se esou wéineg " invasiv " sinn, wéi dat behaapt gëtt, op déi wierklech grav Infraktioune beschränkt. Et muss ee sech esouguer froen, ob net hätt sollen eng limitativ Lëscht vun Infraktiounen definéiert ginn, bei deenen de Repérage nëmmen kënnt ugewannt ginn. Ech wëll drop hiweisen, an dat ass hei nach net gesot ginn, datt an der Belsch d'Gesetz, am Géigesaz zu Lëtzebuerg, bei Ecouten eng limitativ Zuel vun Infraktioune virgesäit, bei deenen Ecoutë kënne virgeholl ginn. Dat ass zu Lëtzebuerg net de Fall, do besteet een awer nach relativ niddrege Seuil vun zwee Joer Prisong bei den Infraktiounen.

Dat hätt och de Problem geléist - dat huet d'Mme Wagener ganz richteg ervirgehuewen - vun esou Delikter wéi den Harcèlement téléphonique, deen ee jo effektiv nëmme kann iwwert Télefonsrepéragë feststellen.

Dann ass och nach gesot ginn, déi niddreg Grenz bräichte mer wéinst dem internationale Recht, wéinst den "élements transnationaux" bei de Moyens d'investigation. Dat ass fir mech awer relativ onverständlech. Ech war och iwwerrascht, wéi den Här Weiler gesot huet, an de Konventioune sténg eng Grenz bei de Commissions rogatoires - vläicht kann den Här Minister dat richteg stellen - dra vu sechs Méint Prisong.

Ech mengen awer, datt an deenen entspriechende Konventiounen effektiv eng Prisongsdauer vun engem Joer drasteet bei Infraktiounen, ier eng Commission rogatoire kann duerchgefouert ginn, an dat esouwuel am Gesetz vum 18. September 2000 iwwert d'Entraide internationale en matière pénale, wéi och wat d'europäesch Konventiouns, déi jo ganz spéit ratifizéiert ginn ass, iwwert d'Entraide pénale ugeet. Iwwregens schwätzt de Rapport zum Gesetz vun 2000 vun engem Cordon sanitaire, deen do ëm eis Bank- a Finanzplaz geluegt gi wier, mat esou enger héijer Bestëmmung, fir eng Commission rogatoire spillen ze loossen, an et ass och an der Debatt gesot ginn, datt vun internationalen Demanden, fir Perquisitiounen oder Saisien ze maachen, néng vun zéng de Finanzsecteur betreffen, an do gi wahrscheinlech keng Télefonslistinge gefrot, mee ganz aner Bankdokumenter, déi wichteg sinn.

Et kann ee sech froen, wat fir Auswierkungen da gemengt si bei der internationaler Kooperatioun. Et si jo eng ganz Partie Saachen, déi sech de Moment op deem Plang dinn. Et ass eng nei europäesch Konventioun, déi nach net ratifizéiert ginn ass vu Lëtzebuerg, ugeholl ginn iwwert d'Entraide judiciaire, wou kee minimaalt Strofmooss méi virgesinn ass. Et freet ee sech, ob déi dann elo gëllt oder ob nach déi al gëllt, well et jo esou ass, datt ëmmer an deene Konventioune steet, datt och déi al Bestëmmungen nach géife weider bestoe bleiwen, wou jo awer e Mooss vun engem Joer Prisong virgesinn ass.

Wat op jidde Fall an där Konventioun dran ass, dat ass e Kapitel iwwert d'Interceptioun vun Telekommunikatiounen, an et ass net kloer, ob et sech ëm Ecouten handelt oder ëm Repéragen a Lokalisatiounen. Do gëtt dovu geschwat, datt Ciblen och kënnten iwwert d'Grenzen eraus verfollegt ginn, och wa keng konkret Infraktioun virläit.

De Rapporteur vun der juristescher Kommissioun am Europaparlament - net egal wien -, den Antonio di Pietro, dee bekannte fréieren italienesche Statsanwalt, huet dat och kritiséiert an en huet gesot, datt domadder preventiv Interceptioune géife méiglech gemaach ginn. En huet gesot: "Maintenir les dispositions de l'article 18 reviendrait à légitimer les activités " obscures " des services de renseignement et requerrait d'autre part que les Etats membres confient les mesures de " sécurité préventive " aux autorités judiciaires, alors que celles-ci interviennent par définition après qu'une infraction a été commise". Dat ass nach ëmmer esou zu Lëtzebuerg de Moment, mee déi international Tendenze sinn awer do.

Ech froe mech och, wat d'Auswierkunge si vun aneren europäeschen Décisiounen, déi geholl gi sinn, zum Beispill den 13. Juni 2002, iwwert den europäeschen Haftbefehl, oder iwwert d'Terrorismusdefinitioun.

Ech froe mech och, wat d'Auswierkunge si vum Gesetzprojet 4954, deen den Här Minister déposéiert huet, och iwwert den Terrorismus, a laut deem de José Bové, fir et ze vereinfachen, als Terrorist kënnt condamnéiert an eventuell esouguer seng Ausliwwerung kënnt gefrot ginn.

Ech kommen zum Schluss, Här President. Ech wollt zwar hei eng kritesch Analys maache vum Gesetz, mee d'Zäit ass relativ knapp bemooss, fir esou e wichtegt Gesetz. Ech géif lech bieden, mer nach zwou Minutten ze ginn, da sinn ech fäerdeg.

***(Interruption)***

Ech widderhuelen hei keng Rapporen, déi scho gehale gi sinn, ech wëll mech wierklech beméien e bëssen eng aner Approche zu deem Gesetz hei ze bréngen.

Dëst Gesetz, esou harmlos wéi et schéngt ze sinn, ass jo entstanen aus der Suerg virun Télefonsrepéragen, déi et legal ze regele gëllt, a wann et och de Moment nach zu Lëtzebuerg, mengen ech, dierft a Grenzen applizéiert ginn, déi sech op wierklech Strofdote beschränken, bei deenen et och gerechtfertegt ass, esou fäerten ech awer, datt mer et trotzdeem an där ganzer Matière hei ze dinn hu mat enger ganz geféierlecher Virwëztut, och a grad am internationale Kontext vu graven Atteinten op biergerlech Fräiheeten. Ech fannen, hei ginn zevill Dieren opgemaach, gëtt net genuch Schutz gebueden.

Richteg organiséiert kriminell Réseauen, Här President, wësse sech ze schütze virun Télefonspoursuiten, mee ze fäerten ass, datt onbescholte Bierger duerch eng einfach Telekommunikatioun an de Krees vu Verdächtege vun allméiglechen Delikter kommen an datt och politesch, gewerkschaftlech oder associativ täteg Leit, déi hir Kontakter hunn, déi oft an Oppositioun stinn zu der offizieller Politik, déi Mëssstänn opdecke wëllen an dat och maachen, verstäerkt an Zukunft riskéieren répertoriéiert, katalogiséiert a kriminaliséiert ze ginn.

D'Press soll e Quelleschutz kréien, gëtt gesot, mee d'Gefor ass reell, datt d'Quelle vun der Press ausgedréchent ginn. Ech schwätze vun deenen oppositionellen a kritesche Quellen, net vun deenen aneren, déi mat de Wëllef haulen an dofir och net vill riskéieren, wa se Informatiounen erausginn.

Wéi sot den Här Juncker bei der Debatt iwwert d'Télefonsaffär virun zwee Joer: "Meng Suerg an all deene Matièren ass grouss e breet. Ech hunn do ni e gutt Gefill, an ech hätt ëmmer gären eng Situatioun, wou d'Texter glaskloer sinn". Besser kann een et net soen. Mat däerselwechter Begrënnung wëll ech hei mäin Neen zu deem Gesetz motivéieren.

**M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si positiv iwwerrascht iwwert dee rouegen Toun, mat deem dëse Projet de loi de Mëtteg hei an der Chamber diskutéiert ginn ass, an och déi Proposition de loi iwwert déiselwecht Matière. Deen Toun erfreet mech, wann ee bedenkt mat wéi engem Zodi virun zwee Joer déi Debatten hei gefouert gi sinn. Et ass héchstwahrscheinlech

esou, datt de Statsminister Recht huet, wann e gär glaskloer Texter hätt, wéi den Här Urbany e gentillerweis zitéiert huet, well hei hu mer et mat engem glaskloren Text ze dinn an dofir huet en och héchstwahrscheinlech esou eng breet Ënnerstëtzung an dësem Parlament fonnt.

Eng vun den Haaptaufgabe vum Stat ass et d'Sécherheet vun de Bierger ze assuréieren, esouwuel um preventive wéi um repressive Plang. Dofir muss et eis Suerg sinn, ëmmer erëm determinéiert ze sinn am Kampf géint d'Kriminalitéit, och géint d'Ursaache vun der Kriminalitéit. Do wou mer am Kampf géint d'Kriminalitéit aktiv ginn, musse mer och der Police an der Justiz déi Moyene ginn, déi se brauchen, fir kënnen dat op eng effikass Aart a Weis ze maachen.

Mir hunn dat an dëser Regierung an a menger Zäit als Justizminister gemaach, andeem mer net nëmme versicht hu materiell der Police an der Justiz méi zouzegestoen, mee och inhaltlech, datt mer hinnen d'Moyene ginn, do wou se déi brauchen, a gesetzlech Instrumenter, fir kënne géint d'Kriminalitéit virzegoen. An all déi Gesetzer, déi mer proposéieren, oder all déi Texter, déi mer op europäeschem Plang unhuelen, reie sech an déi Richtung an.

Den Här Urbany huet der elo grad e puer zitéiert, déi e wollt als negativ dohinner stellen, mee ech soen ëm, datt wa 15 Justizministeren an der Unanimitéit a bei hiren ënnerschiddleche Faarwen zur Konklusioun komm sinn, datt een déi doten Texter brauch, wéi zum Beispill den europäeschen Haftbefehl, wéi zum Beispill eng gemeinsam Definitioun vum terroristesche Crime, dann ass dat, well d'Erkenntnis do ass, datt ouni déi gemeinsam Texter an ouni déi Handhaben, eis Justize machtlos si géint déi verschidden Zorte vu Kriminalitéit, déi als Gefore fir eis Gesellschaft bestinn.

An ech soen lech hei, datt ech der Meenung sinn, datt mer am Laf vun dëser Legislaturperiod, am Laf vun dëser Sessioun eng Rei zousätzlech Instrumenter mussen erabréngen, fir der Police an der Justiz méi Pouvoir ze ginn, virun allem am Kampf géint déi organiséiert Kriminalitéit.

Mir wollten net, an de Statsminister an ech hunn dat oft am Numm vun der Regierung gesot, iwwerstierzt no den Evénementer vum 11. September handelen, mee dat huet net nëmme mam 11. September ze doen, wann ee mierkt, datt déi Kriminell méi sophistikéiert ginn, da musse mir och deem géintiwwer eis Gesetzgebunge verbesseren. Dateschutzregelungen, déi aus de 70er Jore kommen, klappen haut net méi ëmmer, well de ganzen Dateschutz op enger anerer Basis fonctionnéiert, a well mer och mussen der Police an der Justiz Accès ginn zu verschiddenen Donnéeën, ouni déi se net kënne virugoen. Ech kucken déi Gesetzer, déi am Ausland gemaach gi sinn, an der Belsch, an Däitschland, am Frankräich an der leschter Zäit, déi sinn heiansdo vläicht an eisen Aen ze wäit gaangen, mee et sinn eng Rei Moyenen do, wou och mir wëlle légiféréieren, an ech hu mat Intérêt gelies d'lescht Woch, datt eng Rei Politiker, déi net a menger Partei sinn, eis och forcéieren oder encouragéieren der Justiz an der Police déi Moyenen ze ginn, fir all Zorte vu Kriminalitéit kënnen ze bekämpfen.

Dir wäert mech op deem Wee, ouni Hektik, am Iwwerleeën an am Equiliber fannen tëschent de Grondfräiheeten an der noutwendeger Poursuite vun der Kriminalitéit. Dësen Text, dee mer de Mëtteg hei leien hunn, reit sech an an déi Politik, déi ech ëmmer gemaach hunn, nämlech fir der Justiz an der Police Rechtsinstrumenter ze ginn, fir kënne géint d'Kriminalitéit virzegoen, och géint kleng Kriminalitéit. An an deem Kontext ass de Repérage téléphonique, also d'Opschreiwen, d'Novollzéie vun Tëlefonsnummeren an net vu Gespréicher. Ech preziséieren dat nach eng Kéier, well den Här Urbany als leschte Riedner gemaach huet, wéi wann dat och géing d'Tëlefonsgespréicher, also d'Inhalter, involvéieren. Dat ass awer net de Fall. Et geet drëm Nummere kënnen nozevollzéien, e wichtegt Instrument fir verschidde Kriminalitéiten opzedecken.

Dofir sinn ech och frou, datt ech mech konnt duerchsetzen am Parlament op engem vun de wesentlechste Punkten, deen am Projet de loi war an net an der Propositon de loi, nämlech datt d'Mindesthéchststrof, déi gëllt fir verschidde Strofbestänn kënnen ënnert d'Regele vum Repérage téléphonique falen ze loossen, bei sechs Méint festgeluegt ginn ass an net bei zwee Joer. Et gëtt nämlech eng ganz Rei vu Strofdoten, déi bei engem Joer leien oder esouguer, mee dat sinn der manner, bei sechs Méint, wou et noutwendeg ass, datt d'Police virukënnt an hiren Enquêten, d'Justiz virukënnt an hiren Enquêten, andeem se sech op dat doten Instrument kënne baséieren. Dat gëtt net all Dag gemaach, dat gëtt net gemaach bei éierleche Bierger, dat gëtt bei deene gemaach, wou et ëm Infraktioune geet, an dofir sinn ech frou festzestellen, datt sech hei awer eng breet Majoritéit erausgeschielt huet, fir als Peine d'emprisonnement eng Mindesthéchststrof vu sechs Méint ze huele fir Strofbestänn, wou kann de Repérage téléphonique vum Untersuchungsriichter décidéiert ginn.

An och dat wëll ech hei nach eng Kéier preziséieren, et ass selbstverständlech nëmmen den onofhängegen Untersuchungsriichter, deen e Repérage téléphonique ka maachen. Et ass net d'Regierung. Et ass net de Justizminister. Et ass den onofhängegen Untersuchungsriichter, deen dat ka maachen, iwwregens och wéi an der Vergaangenheet. Ech wëll dat gäre rappeléieren, well ech hunn nach am Ouer, wat ech alles virun zwee Joer an dësem Kontext hu missen nolauschteren.

Dësen Text ass also effikass, well en och ka gebraucht gi beim Harcèlement téléphonique, well en och ka gebraucht gi bei der Violation du secret de l'instruction a bei der Violation du secret professionnel. Dat si wichteg Prinzipien an dofir ginn et och dorobber Strofen. A wa mer der Meenung sinn, datt dat keng wichteg Prinzipië sinn, da solle mer de Code pénal änneren an d'Strofen ofschafen, mee net ëmgedréint d'Moyenen, wann déi Infraktioune geschéien, fir se kënnen ze bekämpfen.

Grad esou begréissen ech, an dat ass dat Positiivt an dësem Gesetz, de Fortschrëtt an dësem Gesetz, datt deen, deen ënner esou eng Mesure fält, besser informéiert gëtt, datt en also zousätzlech Rechter huet. Ech mengen, dat ass an engem Rechtsstat normal a mir wäerten eis och bei deenen aneren Texter, déi mer nach virbréngen oder déi an der Diskussioun sinn, an déi Richtung beginn.

Et gëtt keng Fräiheet ouni Sécherheet. An dofir, all Kéiers wa mer gären hätten, datt eis Grondfräiheeten assuréiert bleiwen, da musse mer och kucken, datt mer eis d'Moyene ginn, d'Sécherheet ze assuréieren. En Equiliber fannen ass an all deene Froen do e groussen Challenge, mee ech kann lech soen, datt kaum eng Diskussioun, esouwuel a mengem Ministère wéi am europäesche Justizministerrot, geféiert gëtt, wou mer eis net déi Fro stelle vun dem Equiliber tëschent Fräiheeten a Sécherheet. Ech sinn der Meenung, dass déi zwou Säite vun enger an därselwechter Medail, dat eent an dat anert, mussen zesumme goen. Ech mengen, datt mer hei e gudden Equiliber fonnt hunn. Déi, déi an dëser Chamber dësen Text stëmmen, si fir méi Sécherheet. Si sinn net fir manner Fräiheet.

Ech soen lech merci.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Ech froe Parole après ministre, Här President. Ech wollt den Här Minister Frieden froen, wéi e steet zu de Bedenke vum Statsrot iwwert d'Mini-écouten, déi géife méiglech gemaach ginn duerch esou eng Lokalisatioun vun Tëlefonsgespréicher oder anere Gespréicher?

**M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice.*- Här President, ech hunn dem Här Urbany scho virdrun a menger Interventioun geäntwert, datt et duerch de Retracement vun Tëlefonsnummeren net méiglech ass erauszefannen, wat den Inhalt dovunner ass. Et kann een also nëmme wëssen, wat fir eng Nummer mat wat fir enger Nummer tëlefonéiert huet, mee et kann een net erausfannen, wat den Inhalt vun deem Gespréich war.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4889 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwert dat virleiend Gesetz of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi 4889 ass mat 54 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm a 5 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Lucien Clement), Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Nelly Stein), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Marco Schroell), Xavier Bettel (par Mme Maggy Nagel), MM. Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Alexandre Krieps), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*A voté non: M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

E weidere Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Personaldelegatiounen, d'Comités mixtes an d'Vertriedung vun de Lounempfänger an de Verwaltungsréit. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Lux, Glesener, Bettendorf, Jaerling, Bausch an Urbany.

Als éischte Riedner ass den Här Lucien Lux agedroen. Den Här Lux huet d'Wuert.

## 3. Débat d'orientation concernant la réforme de la législation sur les délégations du personnel, les comités mixtes et la représentation des salariés dans les conseils d'administration

**M. Lucien Lux** *(LSAP).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den 2. Oktober vum leschte Joer, et sinn also genau 12 Méint hier, huet eis Fraktioun en Débat d'orientation gefrot, deen de 25. Januar vun dësem Joer an der Kommissioun eestëmmeg zréckbehale ginn ass, an nodeem mer den 10. Abrëll vun dësem Joer während engem ganzen Dag an där Kommissioun eng Auditioun hate vun de Sozialpartner, an och nach duerno eng Diskussioun mat de Responsablë vum Wirtschafts- a Sozialrot, fir ze kucken, esou wéi de Minister et deemools am Januar ausgedréckt huet, déi Lignes directrices auszeschaffen, déi à la base kënnte si vun enger gesamter Refonte vun de Gesetzer vun 1974 an 1979, dat heescht, d'Gesetz iwwert d'Cogestioun begräift d'Comités mixtes an d'Representatioun an de Verwaltungsréit, an op där anerer Säit d'Gesetz iwwert d'Delegatiounen.

Déi Debatt haut de Mëtteg soll fir eis alleguer, dat hoffen ech jiddefalls, e Bekenntnis sinn zur politescher, zur sozialer, wirtschaftlecher Bedeitung, an ech géing do e Wuert ervirsträichen, dat ech gëschter schonn a mengem Discours ervirgehuewen hat, en Ausdrock vun eisem heitege Chamberspresident, dem Kolleeg Jean Spautz, deen 1974 Rapporteur war vum Gesetz iwwert d'Cogestioun, dee souguer deemools vun der ethescher Bedeitung vun der Matbestëmmung a sengem mëndleche Rapport an der Chamber geschwat huet.

D'Matbestëmmung ass definitiv keng Brems fir de kompetitiven, wirtschaftleche Standuert. All d'Analysen, all d'Etüden, déi doriwwer gemaach gi sinn, weisen, datt am Géigendeel eng gutt fonctionnéierend, effikass Matbestëmmung vun de Salariéen op allen Niveauen, Deel ass vun enger moderner an enger innovativer Ekonomie. D'Fuerderunge vun de Gewerkschaften, déi mir nach haut de Mëtteg virun der Dier vum OGB-L, mee och vum LCGB bei der Pressekonferenz vun der Rentrée syndicale héieren hunn, weisen, datt d'Fuerderungen haut net aneschters sinn, wéi se schonn an de siechzeger an an de siwwenzeger Jore waren, a wéi se dann duerno, haaptsächlech no der grousser Manifestatioun vum LAV vum 9. Oktober, an déi Gesetzer agemünt sinn, déi ech virdru genannt hunn.

An zwar duerfir ze suergen, datt de Mënsch, de Salarié, de Lounofhängegen am Betrib, Mëttelpunkt vun der Wirtschaft bleift, datt eng gewëssen Emanzipatioun vun dem Lounofhängege méiglech ass, an datt mir eng parallell Entwécklung, engersäits vun der politescher Demokratie hunn, doniewent awer parallell déi wirtschaftlech Demokratie sech weiderentwéckelt a gläichzäiteg eng Gläichberechtegung vum Kapital, der Aarbecht an de Relatiounen an den Entreprisë méiglech ass. Dat war d'Basis schonn 1973, 1974 an 1979. Ech mengen, och wann d'Wierder haut liicht geännert hunn, si se à la base nach ëmmer déiselwecht.

Fir d'LSAP gëtt et dräi gutt Grënn, fir dës Debatt haut ze féieren. Deen éischten ass deen, datt d'Demokratiséierung an der Wirtschaft, an de Betriber am Moment, eiser Meenung no, net de pair geet mat der Demokratie oder mat der Demokratiséierung, déi mir an der Gesellschaft erliewen. Déi individuell Fräiheete ginn an eiser Gesellschaft héich gehalen, an dat ass gutt esou. Nach virun e puer Minutten hu mir hei e Gesetz gestëmmt, wat jo déi perséinlech Fräiheeten am Zesummenhang mat den Ecoutes téléphoniques soll verbesseren. Et kann net sinn, a fir eis als politesch Responsabel kann et net richteg sinn, datt déi betriblech Matbestëmmung am Moment amgaang ass ëmmer méi ze verkümmeren.

D'Matbestëmmung - an de Chamberspresident huet dat virun enger Stonn den Delegéierte vum OGB-L nach eng Kéier gesot - muss sech dem Wandel vun der Zäit upassen, se muss mat hir goen. Se muss deenen Entwécklungen, déi an de Betriber an an der Gesellschaft geschéien, Rechnung droen. 25 oder 30 Joer no deene grousse Gesetzer ass et wierklech Zäit ze kucken, wat fir ee Wandel stattfonnt huet a wéi mir him kënne gerecht ginn. Déi grouss Restrukturéierungen - an dat musse mir eis an eiser Sozialgeschicht ëmmer erëm virun Aen halen -, wéi zum Beispill déi an de siwwenzeger Joren an der Stolindustrie, wären ouni eng gutt fonctionnéierend Matbestëmmung, ouni Gewerkschaften, déi am Sozialdialog an am Dialog an a mat de Betriber hir Verantwortung iwwerholl hunn, an déi an hire Strukturen d'Kapassitéit haten, fir Accorden ze ënnerschreiwen, déi da vu jiddferengem agehale si ginn, ondenkbar gewiescht.

Mir hätten hei zu Lëtzebuerg, ouni déi Matbestëmmung, dat erlieft, wat vill vun eisen Nopeschlänner erlieft hunn an deene grousse Jore vun de Restrukturéierungen, nämlech massenhaft Entloossungen. Hei zu Lëtzebuerg war dat aneschters méiglech, virun allem well mir eng Matbestëmmung haten, déi fonctionnéiert huet.

Eist Gefill gëtt all Dag méi grouss, dass d'Matbestëmmung am Bewosstsäin vun der Politik insgesamt u Bedeitung verléiert. D'leschte Kéier huet de Fraktiounspresident vun der Demokratescher Partei op senger Pressekonferenz vun den ale Kamelle geschwat, déi vun der LSAP géifen erausgeholl ginn. Ech mengen, dass d'betriiblech Matbestëmmung, wann se sollt fir d'DP zu den ale Kamelle gehéieren, eiser Meenung no, wierklech d'Häerzstéck ass vun deem, wat e soziale Modell, esou wéi mir en an deene leschte Joren, fir net ze soe Jorzéngten, opgebaut hunn, soll duerstellen an dee mir ze verteidegen hunn. D'Matbestëmmung hëlleft, wéi keen anert Instrument, Hierarchien ze iwwerbrécken, d'Kluft tëschent deenen do uewen an deenen do ënnen ze verréngeren a bréngt eng sozial Integratioun an der Gesellschaft insgesamt, well d'Iwwernam vun demokratescher Verantwortung fir de Konsensus a fir d'Kohärenz dobausse ganz wesentlech ass.

Wat sinn d'Grënn vun deem Wandel an der Matbestëmmung vun deem mir alleguerte schwätzen? Dat ass d'Verschäerfung vum nationalen a vum internationale Wettbewerb. Dat ass de Konkurrenzdrock dobaussen. Och dass d'Aflëss international an op all eenzelne Wirtschaftsstanduert ëmmer méi grouss gi sinn. Et ass

evident, dass dat oft zu Ongonschten ausgeet vun der Matbestëmmung. Den Dissens tëschent dem ekonomeschen Drock an dem Wuelbefanne vun de Mënschen geet oft zu Ongonschte vun de Salariéen a vun de Lounofhängegen aus.

Et ass evident, dass bei de Grënn dee beschleunegt technologeschen, wirtschaftlechen an organisatoresche Wandel an de Betriber eng Roll spillt. Et ass gläichzäiteg déi zounehmend Europäiséierung vu villen Aspekter vun den Aarbechtsbezéiungen, déi d'Kapassitéit vun den Décideuren an der Matbestëmmung ënnerhillegt. Des Weidere schléisst den Upassungsdrock duerch d'Erhéijung vu wirtschaftlecher Leeschtungsfäegkeet d'Gefor mat an, dass déi sougenannte Cogestioun op der Streck bleift a lettre morte bleift.

Et ass evident, an dat war ee vun den Haaptpunkten an der Auditioun vum 10. Abrëll mat de Sozialpartner, dass dem Morcellement an de Betriber, deen heiansdo aus reng juristeschen, heiansdo aus steierlechen, heiansdo aus europäeschen, mee oft bewosst aus Grënn gemaach gëtt, fir d'Matbestëmmung ze ënnerhillegen, d'Seuilen ze ëmgoen, duerch déi entweder de Comité mixte oder Verwaltungsrotpartizipatiounen noutwenneg ginn an en Enn muss gesat ginn an der Definitioun vun der Entitéit, déi d'Entreprise huet. Dat wäert sécherlech ee vun de grousse Punkte sinn, déi mir an der Diskussioun musse féieren.

Déi Balance tëschent der Schutzfunktioun vun der Matbestëmmung an dem Drang no Produktivitéit, no ëmmer méi Effizienz, no engem ëmmer méi rapidë Produktiounsoflaf, no ëmmer méi schnelle Kadenzen, gehéiert sécherlech zu deene Wandelen, déi ech genannt hunn.

D'Fäegkeet vun der Matbestëmmung, fir sech selwer u verännert Wierklechkeeten unzepassen, ass dann a Gefor. Och wann ee gläichzäiteg gesäit, dass mir méi a méi klenger Entreprisen, klenger Entitéiten hunn, wou et natierlech méi schwéier gëtt, fir eng Matbestëmmungstraditioun opzebauen; dass d'Zuel vu prekäre Beschäftegungskontrakter, vu Leihaarbecht, also vun Travail intérimaire, ëmmer méi zouhëlt, wou et sech natierlech ëm Leit handelt, déi an enger prekärer Aarbechtssituatioun sinn an déi natierlech net déi Kapassitéit hunn, fir sech vis-à-vis vun engem Patron ze behaapten, fir an enger Delegatioun matzeschaffen an do eng Traditioun opzebauen. D'Praxis vum Outsourcing, d'Praxis vun ëmmer méi flexibelen Aarbechtszäitregimer dinn der Matbestëmmung natierlech net gutt.

Alles dat erschwéiert d'betriibsiwwergräifend Interesse vun de Salariéë. Et verréngert tendenziell och d'Zuel vun de Salariéen, déi a Fro kommen an interesséiert sinn, an déi och capabel si sech duerchzesetzen.

Matbestëmmung an Tarifautonomie sinn natierlech zwee verschidde Beräicher, zwee verschidde Regelwierker, awer si hu ganz zahlreich Beréierungspunkten. Si ënnerstëtze sech géigesäiteg. An hiert d'Wiesselspill: Matbestëmmung op där enger Säit a Kollektivverträg ofschléissen an ënnerschreiwen op där anerer Säit, ass en zentraalt Element vun de soziale Bezéiungen, wéi mir se an den Entreprisë kennen.

Ouni Kollektivvertrag am Betrib gëtt et keng kooperativ Relatiounen tëschent Delegatioun a Salariéen, an ouni Matbestëmmung gëtt et keng effikass Ëmsetzung vu kollektivvertragleche Matbestëmmungen. An deem Sënn sinn déi zwee ganz enk matenee liéiert.

Deen zweete gudde Grond, deen à la base ass vun der Demande vun der LSAP, fir dësen Débat ze féieren, sinn déi Beobachtungen, déi mir am Sozialdialog konkret dobaussen zu Lëtzebuerg maachen: déi quantitativ Entwécklung vun der Zuel vun Delegéierten a vun der Zuel vun Entreprisen an deenen Delegatioune wierksam schaffen. D'Zuel vun de Betriber, déi duerch Kollektivverträg ofgeschützt sinn, hëlt zu Lëtzebuerg of, an hir Kapassitéit, wierklech Ofmaachungen anzehalen, gëtt ëmmer méi duerchlächert.

Mir gesinn awer, dass zum Beispill an der Ëmsetzung vum PAN-Gesetz während Méint an der Tripartite Sozialdialog um iwwerbetriiblechen Niveau stattfënnt. Accorde münden a Gesetzer. Et stellt ee fest, dass an der Fro vum Dialog tëschent der Flexibilitéitsdemande vun de Patronen an der Demande no Aarbechtszäitverkierzung vun de Gewerkschaften, de Sozialdialog zu Lëtzebuerg net funktionéiert. D'Gewerkschafte sinn eestëmmeg der Meenung, dass dat ëmmer méi zu enger Einbahnstrooss amgaang ass ze verkümmeren, wou d'Patronat zwar d'Flexibilitéit gären hätt, mee net bereet ass d'Contrepartie fir déi Flexibilitéit ze droen, à savoir d'Astelle vu Leit oder d'Aféiere vun Aarbechtszäitmodeller, déi de Leit entgéintkommen oder souguer Aarbechtszäitverkierzung. Dat bleift ganz op der Streck. An deem Beräich ass de Sozialdialog amgaang Schued ze erleiden.

En anert Beispill ass dat vum Secteur vun der Hôtellerie an der Restauratioun, dem Horeca-Beräich, wou während Jore vun der Politik, op déi jeweileg Aarbechtsministeren, Drock ausgeübt ginn ass, datt déi sech sollten un en Dësch setzen, fir zu einvernehmlech konventionellen Ofmaachungen ze kommen. Mir musse feststellen, datt mir bal gezwonge sinn ze légiféréieren, fir d'Aarbechtszäit vu 40 Stonnen an e Gesetz ze kleeden, eppes wat am Sozialdialog während Joren net méiglech war. Dat ass net gutt, well an alle Fäll, an nom Subsidiaritéitsprinzip, wär et ëmmer besser, datt d'Sozialpartner sech an de Betriber géinge kollektiv vertraaglech eens ginn, ir mir mussen als Gesetzgeber légiféréieren.

Wann een am Virfeld vun dëser Debatt e bëssen d'Aussoe vun der Gewerkschafte gelies huet, da schwätzen déi eng méi diplomatesch a moderat Sprooch, vun der wierklecher Urgence, fir eppes ze maachen. De President vum OGB-L huet virun enger Stonn hei an der Chamber kloergemaach, datt mir an e bësse méi wéi engem Joer Sozialwahlen, Delegatiounswahlen hunn, an datt et natierlech eminent wichteg wär, wa mir déi Wahle kéinten op der Basis vun engem neie Gesetz maachen, esou gesinn ass also d'Urgence sécherlech richteg. Anerer hu souguer vun der Diktatur an de Betriber geschwat, vum Paternalismus, deen do ëmmer méi herrscht, vun also enger Loft, déi ëmmer méi rau gëtt, an déi et net erlaabt, fir wierklech eng gutt Matbestëmmung nach ze hunn.

Schlussendlech den drëtte Grond, dee fir eis Fraktioun wichteg war, fir dësen Débat ze froen, ass d'Angscht, déi mir hunn, dass et bei der Reform vun der Matbestëmmung no de Legislaturperiode vun 1989-1994 a vun 1994-1999, och no der Period 1999-2004 bei de gratis Ukënnegungen no enger Reform vun der Matbestëmmung bleift. Wann een nämlech déi jeeweileg Regierungserklärungen duerchkuckt, zum Beispill déi vun 1989, déi scho sech virgeholl hat, fir eng Reform ze maachen, och eng Reform vun de Matbestëmmungsrechter, wann een d'Regierungserklärung hëlt vun 1994, da gëtt do erëm eng Kéier gesot, no enger larger Concertatioun hëlt d'Regierung an den Aarbechtsminister sech dat vir, a wann ee schlussendlech d'Regierungserklärung vun 1999 hëlt, da gëtt och do vun der noutwenneger Adaptatioun an der Reform vun de Gesetzer vun 1974 an 1979 geschwat.

Ukënnegunge während Joren, ouni konkret Taten a gesetzgeberesch Texter, sinn net méi weider akzeptabel. Mir héieren d'Botschaft vum Aarbechtsminister, och vun dësem, an et feelt eis e bëssen um Glawen, datt mir et elo fäerdeg bréngen, nodeem laang Zäit dialogéiert ginn ass, ee Joer virun de Sozialwahlen nach e Projet virzeleeën, ze diskutéieren, an en esou ofzestëmmen, datt en nach kann a Kraaft triede virun deene neie Wahlen. Dat wier wënschenswäert. Ech mengen, datt mir manner bei den Inhalter ausernee leien, wéi bei der Noutwennegkeet, datt et wierklech fënnef vir zwielef ass, fir net souguer ze soen, datt et eng Minutt virun zwielef ass, an datt ee schnell déi Aarbecht muss ugoen.

Et besteet keen Zweifel, an ech mengen, den Aarbechtsminister weess dat selwer, datt d'Regierung an hie selwer ee Joer virun deene Wahlen an enger ganzer Rei vun Dossieren ënner staarkem Erfollegsdrock stinn. Dat ass net nëmme wouer bei der Reform vun de Gesetzer vun der Matbestëmmung. Dat ass och wouer bei dem Gesetz vun de Kollektivverträg, wat vun der Regierung ugeholl ginn ass, mee et ass nach net gestëmmt. Här Minister, Dir wësst dat! Dat ass wouer bei der Fro vun der Aarbechtszäit vun der Horeca, wou elo erëm vun dem Patronat...

***(Interruption)***

Et läit nach net ganz bei eis vir, vu datt den Avis vum Statsrot zu den Amendementer nach feelt. Et ass wouer, datt mir schnell d'Revisioun vum PAN-Gesetz mussen attackéieren. Et ass kloer, datt den 31. Juli 2003 déi wichtegst Dispositioune vum PAN-Gesetz auslafen a virdrun nei légiféréiert muss ginn. Duerfir hu mir als LSAP en Débat d'actualité gefrot, fir am Kontext vun der Revisioun vum PAN-Gesetz an der Zounam vum Chômage, deen eis Suerge mécht, an net nëmmen eis eleng, doriwwer ze diskutéieren.

Mir waarden op Texter iwwert d'Reform vun der ITM, der Inspection du Travail et des Mines, der Gewerbeinspektioun, nach esou eng Reform fir déi schonn den Här Juncker onzähleg vill Versprieche gemaach huet, déi ni agehale gi sinn. Mir stellen nëmme fest, datt an deene wichtegste Punkte vum Droit du travail bis elo näischt Konkretes konnt ëmgesat ginn.

Ech hunn am Lëtzebuerger Wort vu gëschter gelies, datt den LCGB-President gesot huet, ech zitéieren: „Noch regieren Juncker und Biltgen mit starker sozialpolitischer Hand, aber wird das so ohne weiteres normal weitergehen?“ Den Artikel ass iwwerschriwwen: "Fakt ist". Ech géif soe Fakt ass: Den Dialog féieren ass eng Saach, Entscheedungen erbäiféieren an duerchsetzen ass eng aner. Op déi waarde mir mat vill Ongedold.

Déi dräi Grënn: Wandel vun der Matbestëmmung, Schwächele vun der Matbestëmmung hei zu Lëtzebuerg, an d'Zäit ze handelen, déi komm ass, hunn eis beweegt, eng Motioun ze deponéieren, déi no der Auditioun mat de Sozialpartner, eiser Meenung no, déi wichtegst Punkte beinhalt, déi à la base kéinte si vun deene Gesetzgebungen, déi mir maache mussen. An där Motioun gi mir nach eng Kéier zréck op d'Auditioun vum 10. Abrëll an op déi wichtegst Punkten, déi do diskutéiert gi sinn.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la loi modifiée du 18 mai 1979 portant réforme des délégations du personnel, ainsi que la loi du 6 mai 1974 instituant les comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes;*

*- convaincue qu'une réforme de la législation sur les délégations du personnel et la cogestion dans les entreprises est indispensable pour garantir une démocratisation au sein des entreprises et de bonnes relations sociales, permettant un dialogue social efficace;*

*- estimant qu'une telle réforme est urgente en vue de renforcer les droits et les moyens d'action des délégués du personnel;*

*- considérant la déclaration gouvernementale du 12 août 1999 qui prévoit les améliorations suivantes en ce qui concerne la législation sur les délégations, les comités mixtes et la cogestion:*

*• uniformiser les législations sur la représentation des salariés;*

*• donner davantage de compétence aux représentations en matière d'accès à l'information de la sécurité, de l'environnement et de l'égalité des chances;*

*• donner davantage de compétence aux représentations en matière de formation continue du personnel;*

*• abaissement à 18 ans de l'âge du droit de vote passif aux élections sociales;*

*• comités européens d'entreprise: nécessité de finaliser la loi;*

*- considérant les auditions avec les organisations syndicales du 10 avril 2002 ayant précédé le débat d'orientation de la Chambre des Députés concernant la réforme de la législation sur les délégations du personnel, les comités mixtes et la représentation des salariés dans les conseils d'administration, et ayant retenu comme objet et finalité du débat de "procéder à une révision globale des mécanismes et structures prévus dans les différentes lois organisant la représentation et la participation des salariés dans les entreprises afin de répondre aux nouveaux défis que les mutations économiques posent dans ce domaine" et de "revoir le cadre institutionnel dans lequel s'inscrit le dialogue social au plan national";*

*- constatant que la législation actuelle devra être adaptée aux structures et au fonctionnement des entreprises ayant changé au cours des années passées pour garantir à l'avenir un droit réel à l'information, à la consultation et à la participation des représentants du personnel sur la situation et l'évolution économique, financière et sociale d'une entreprise;*

*- considérant qu'une négociation collective fructueuse au sein des entreprises exige une adaptation et une modernisation des droits syndicaux aux évolutions constatées dans les entreprises;*

*- estimant que le mode d'organisation des entreprises ne devra en aucun cas conduire à un morcellement des entreprises avec l'intention de court-circuiter l'application des dispositions légales concernant la cogestion;*

*- considérant la définition du groupe d'entreprise retenue dans la directive 94/45/CE du Conseil du 22 septembre 1994 concernant l'institution d'un comité d'entreprise européen ou d'une procédure dans les entreprises de dimension communautaire et les groupes d'entreprises de dimension communautaire en vue d'informer et de consulter les travailleurs: "groupe d'entreprises": un groupe comprenant une entreprise qui exerce le contrôle et les entreprises contrôlées;*

*- considérant la conclusion générale du bilan de la loi de 1974 sur la représentation des salariés dans les conseils d'administration et la création de comités d'entreprises, datant du 15 juillet 1999 et élaboré par le Conseil économique et social: "Sans préjudice de tous les éléments positifs qui ont pu être détectés lors de cette analyse sommaire, nous voudrions néanmoins attirer l'attention sur les changements fondamentaux qui se sont opérés et qui vont encore s'opérer dans la vie économique, notamment par la création de sociétés ou groupes de sociétés de plus en plus morcelées en autant d'entités juridiques (...);*

*- considérant le procès-verbal de la réunion de la Commission du Travail et de l'Emploi du 25 janvier 2002, lors de laquelle Monsieur le Ministre du Travail et de l'Emploi a déclaré que "son département n'a pas encore entamé ce dossier notamment afin de ne pas anticiper sur le cadre qui sera posé par la directive européenne "Information et consultation des travailleurs". Cette directive devrait être adoptée par le Conseil des Ministres "Affaires sociales" en mars prochain et constituera certainement une base importante des discussions à mener";*

*- considérant l'adoption de la directive 2002/14/CE du Parlement européen et du Conseil du 11 mars 2002 établissant un cadre général relatif à l'information et la consultation des travailleurs dans la Communauté européenne, qui oblige toute entreprise de plus de cinquante travailleurs à assurer une information et une consultation véritables de ses travailleurs avant de prendre une décision majeure la concernant, tout particulièrement en matière d'emploi;*

*- considérant la nécessité de permettre aux délégués du personnel une exécution efficace de leur mission, ainsi qu'une intervention rapide en cas de restructuration, de cession, de fusion ou de transfert d'entreprise;*

*- sachant que l'exercice de la mission de représentant ou de délégué du personnel exige une protection accrue sur le lieu de travail;*

*invite le Gouvernement*

*• à déposer jusqu'à la fin de l'année 2002 un projet de loi portant réforme de la loi du 6 mai 1974 instituant les comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes et de la loi modifiée du 18 mai 1979 portant réforme des délégations du personnel, incluant essentiellement - à côté des dispositions annoncées dans la déclaration gouvernementale du 12 août 1999 - les points suivants:*

*• la définition de la notion d'entreprise respectivement du groupe d'entreprises afin d'éviter le contournement des dispositions légales régissant les délégations du personnel, les comités mixtes et la cogestion par le biais d'un morcellement d'entreprise;*

*• la revalorisation des délégations centrales lorsque plusieurs établissements forment une entreprise unique;*

*• la diminution des seuils numériques de mise en place des délégations du personnel, des comités mixtes et des organes de cogestion;*

*• le droit à l'information et à la communication à garantir aux délégués du personnel (utilisation de tous les moyens de communication techniques et électroniques disponibles au sein de l'entreprise);*

*• l'information obligatoire de la délégation du personnel sur l'évolution économique, financière et sociale de l'entreprise et la consultation préalable de la délégation avant l'introduction de mesures ou d'événements ayant un impact*

*quelconque sur le personnel de l'entreprise;*

*• le renforcement de la protection des délégués du personnel contre le licenciement et toutes autres formes de pression;*

*• l'élargissement du droit d'initiative des délégations du personnel en ce qui concerne l'aménagement du lieu de travail, la sécurité et la santé sur le lieu du travail (notamment en cas de stress ou de harcèlement moral) et la gestion du personnel;*

*• l'extension de la libre circulation du délégué du personnel pendant les heures de travail dans les locaux de l'entreprise;*

*• l'extension du congé de formation pour les délégués du personnel;*

*• à déposer avant le 1er avril 2003 un projet de loi prévoyant l'extension de la législation sur la cogestion à toutes les entreprises du secteur privé, quelque soit la forme juridique de l'entreprise, sa nature commerciale ou non, son caractère public ou privé.*

*(s.) Lucien Lux, Jean Asselborn, Alex Bodry, Mady Delvaux-Stehres, Jeannot Krecké.*

Dir wësst, datt mir festgehalen hunn "de procéder à une révision globale des mécanismes et structures prévues dans les différentes lois“. Mir hunn eis net duerfir ausgeschwat, nëmmen e bëssen an deene Gesetzer ze piddelen, mee wierklech eng Refonte générale ze maachen. E puer Punkte sinn do wichteg. Ech hu schonn dee genannt vun der Definitioun vun dem Groupe d'entreprises, wou ee sech zum Beispill kéint baséieren op d'Direktiv vum 22. September 1994, déi hei schwätzt vum Groupe d'entreprises als „un groupe comprenant une entreprise qui exerce le contrôle et les entreprises contrôlées“, fir wierklech duerfir ze suergen, datt mir hei Entitéite wierklech dozou féieren, datt se d'Matbestëmmungsregele net ënnerhillegen.

Dir wësst, datt mir gekuckt hunn, wat de Conseil économique et social a sengem Avis vum 15. Juli 1999 gesot huet, wéi en d'Gesetzer vun 1974 iwwert d'Cogestioun analyséiert huet. Och hien ass zur Konklusioun komm, datt et noutwenneg wär "des changements fondamentaux" ze operéieren, "changements qui vont encore s'opérer dans la vie économique, notamment par la création de sociétes ou groupes de sociétés de plus en plus morcelés en autant d'entités juridiques“. De WSR huet zum Schluss a senge Konklusiounen eng ganz Rei vu Punkten opgezielt, déi, mengen ech, eis Ënnerstëtzung fannen, an déi an der Auditioun diskutéiert gi sinn. Dir kënnt déi an deem exzellenten Avis, deen en 1999 gemaach huet, nach eng Kéier noliesen.

Mir hunn an der Kommissioun de 25. Januar 2002 doriwwer diskutéiert. Den Aarbechtsminister, den Här Biltgen, huet eis gesot - esou hunn ech et aus dem Procès-verbal nach eng Kéier erausgelies - "…que son département n'a pas encore entamé ce dossier notamment afin de ne pas anticiper sur le cadre qui sera posé par la directive européenne "Information et de consultation des travailleurs.“

Déi Direktiv war dee Moment nach net duerch déi Bréisseler Machinerie. Si ass dann awer den 11. Mäerz 2002 a Form vun der Direktiv 2002/14/CE derduerch gaangen. Déi Direktiv ass eng Plattform, eng gutt Basis, fir eng ganz Rei vu Saachen ze verbesseren, wat d'Informatioun an déi wierklech Konsultatioun vun de Salariéen an de Betriber kënnt verbesseren. Mir hunn an der Motioun d'Regierung opgefuerdert, bis Enn dës Joers e Projet de loi ze deponéieren, wat d'Gesetzer vun 1974 an 1979 ubelaangt, wou se ënner anerem soll higoen an déi Punkten ëmsetzen, déi an der Regierungserklärung selwer dran enthale sinn. Ech mengen, do ass eng hallef Dose Punkte schonn opgezielt ginn, wou mir eis eens sinn, dass se wichteg wären.

Wéi ech am Laf vu menger Interventioun scho gesot hunn, soll et haaptsächlech ëm d'Definitioun vun der Notion d'entreprise goen, ëm d'Revaloriséierung vun den Délégations centrales, ëm eng Diskussioun iwwert d'Seuils numériques, déi ze spillen hunn, souwuel bei den Delegatiounen, wéi bei de Comités mixtes, wéi bei der Cogestioun an dem Conseil d'administration, wou et soll drëm goe fir d'Moyens de communication, d'Aarbechtsinstrumenter vun den Delegéierten an den Entreprisen ze verbesseren.

Dir wësst, dass mer hei zu Lëtzebuerg d'Mise à pied vun Delegéierten haten, déi zum Beispill vum hausinterne Mail profitéiert haten, an déi dowéinst erausgesat gi sinn. Dat kann et an enger Gesellschaft, wéi där eiser, net méi ginn. Ech mengen, et muss een den Internet an all déi nei Kommunikatiounstechnologien den Delegéierten zur Verfügung stellen, fir dass si hir Aarbecht ordentlech kënne maachen. Dat ass haut näischt méi, wat vun iergendengem politeschen Décideur kënnt ofgelehnt ginn. Dat ass wichteg, well hei vill perséinleche Misär den Delegéierte gemaach ginn ass, déi vun esou Moossnamen, déi géint si geholl gi si vu Betribsdirektiounen, betraff waren.

Ech mengen, datt déi obligatoresch Informatioun vun den Delegatiounen an allen Entwécklunge vum Betrib: de wirtschaftlechen, finanziellen a soziale Beräicher noutwenneg wären. Dat seet och d'Direktiv vum Mäerz 2002. Do si Verbesserungen noutwenneg. Mir mengen, datt den Droit d'initative vun den Delegéierten an enger Rei vun neie Beräicher, déi an de siwwenzeger Joren nach net up to date waren, haut awer wichteg sinn. Mir denken zum Beispill un den Aménagement vun der Aarbechtsplaz selwer, wat d'Nohaltegkeet an d'Ëmweltrisiken an den Entreprisen ubelaangt.

Mir denken awer och hei un déi Fäll vu Stress, vu Mobbing, vun Harcèlement, wat Beräicher sinn, déi nei sinn an de Relatiounen - leider Gottes - an déi deementspriechend ëmgesat gi mussen. Mir mengen, datt d'libre circulation vun den Delegéierten innerhalb vun der Entreprise muss verbessert ginn, datt Formatiounscongéen an d'Luucht gesat misste ginn. Schlussendlech menge mir, datt ee misst duerfir Suerg droen, datt déi Cogestioun net nëmme kommerziell Entreprise wéi S.Aen, däerf betreffen, mee all d'Entreprisen am Secteur privé, egal wat fir e Statut si hunn.

Ofschléissend wär et natierlech wichteg - mir diskutéieren hei haaptsächlech iwwert de Privatsecteur - iwwert de Secteur public ze diskutéieren, iwwert d'Moyene vun der Matbestëmmung. Mir maachen dat haut bewosst net, mee mir hunn awer als Fraktioun, duerch de Kolleeg Jeannot Krecké, eng Interpellatioun ugefrot, fir iwwert d'Situatioun an dem öffentlechen Déngscht ze diskutéieren. Do wäert sécherlech d'Fro vun der Matbestëmmung vun deene Salariéen ee vun den Haaptpunkte sinn. Mir hoffen, datt d'Regierung an d'Majoritéit schnell bereet sinn, fir déi Interpellatioun op d'Dagesuerdnung ze setzen, fir datt mir deen Débat kënne féieren.

Zum zweete Volet, dee mir diskutéiert hunn, just e Saz oder annerhalwen. Mir hunn natierlech iwwert déi sougenannt national iwwerbetriiblech Matbestëmmung diskutéiert. Ech mengen, dass et do e grousse Konsens gëtt, fir ze soen, dass déi wichtegst Plattformen, déi mir hunn: de Wirtschafts- a Sozialrot, d'Tripartite an anerer, an deene leschte Joren eng eminent wichteg sozialpolitesch Aufgab haten an hir Verantwortung do voll iwwerholl hunn.

Mir wëssen, dass et Eenzelner gëtt, déi meckeren. De Kolleeg Jaerling ass een dovunner, deen dat och an der Auditioun gemaach huet. Ech muss allerdéngs soen, dass mir eng Kéier - an ech hunn dat am Ufank scho gesot - sollten zréckdenken un déi siwwenzeger Joren, wou et wichteg war, dass et d'Tripartite gouf, fir Verantwortung am Konsens ze iwwerhuelen, och wann een ëmmer erëm muss soen - a mir hunn dat beim PAN-Gesetz däitlech gemaach -, dass mir der Meenung sinn an där Reflexioun, dass een engersäits iwwert den Agencement zwëschent Tripartite a Wirtschafts- a Sozialrot soll diskutéieren.

De Wirtschafts- a Sozialrot huet selwer Virschléi gemaach iwwer seng Reform, déi eis ganz interessant an intelligent schéngen. Mir hu mat deenen diskutéiert. Dat war eng interessant Diskussioun. Dat sollte mir esou viruféieren. Mir sollte kucken, datt d'Kohärenz tëschent dem nationale Sozialdialog an dem europäesche Sozialdialog am Zesummenhang mat deem Agencement ka verbessert ginn. Mee et bleift, dass d'Roll vum Parlament net kann ënnerhillegt ginn. Mir sinn en fin de compte an definitiv ëmmer déi, déi d'Gesetzer ze stëmmen hunn. Mir mussen eis Verantwortung iwwerhuelen. Wa mir engem Gremium, wéi der Tripartite heiansdo eng Rei vu Saachen ze soen hunn, am gesetzgeberesche Prozess, da sollte mir et maachen. An dat hu mir jo gemaach.

Schlussendlech als Konklusioun an dat besonnesch un den Aarbechtsminister an un d'Regierung: Dialog, och Sozialdialog, och Dialog tëschent der Regierung an de Sozialpartner, beräichert ouni Zweifel d'Diskussioun, awer iergendwann, wann et héich Zäit gëtt, kënnt de Moment vun den Entscheedungen, ouni déi den Dialog zur Beschäftegungstherapie gëtt. Deementspriechend hoffe mir, dass d'Regierung ganz schnell an urgent eis Projets de loi virleet, fir dass mir zu deene Reformen - déi mir, mengen ech, bal alleguer heibanne wënschen - kënne kommen. Merci.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Marcel Glesener agedroen. Den Här Glesener huet d'Wuert.

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, zënter Jorzéngten ass de soziale Fridden zur Selbstverständlechkeet ginn. Et ass dat d'Grondlag vum soziale Fortschrëtt, vun eisem Sozialnetz a vun eisem Liewensstandard.

D'Grondlag vun där Realitéit ass d'Entwécklung vun enger qualitativ héijer Kultur vum Sozialdialog. D'Handwierker vun dëser Sozialpartnerschaft waren a sinn d'Gewerkschaften, d'Dirigente vun der Wirtschaft a vill Sozialpolitiker aus enger ganzer Rei vu Parteien. Den Ausgangspunkt vun där Sozialpartnerschaft ass d'Gesetzgebung vun de Betribsdelegatiounen, de sou genannte Betribsausschëss. Et däerf een net vergiessen, datt dat geschitt ass zu enger Zäit, wou manner vu Sozialpartnerschaft a méi vu Klassekampf diskutéiert ginn ass.

De 26. Abrëll 1919 sinn duerch Arrêté grand-ducal, déi sou genannt Conseils d'usine permanents an d'Welt geruff gi fir Industriebetriber iwwer 50 Aarbechter. Den 11. Mäerz 1921 sinn déi Conseils d'usine permanents kuerzerhand ofgeschafe ginn, als Reaktioun op Streiken a Betribsbesetzungen. Den 8. Mee 1925 si se erëm agesat ginn, an dat fir all d'Industriebetriber ab 20 Aarbechter.

60 Joer no där éischter Regelung vun 1919 ass et dann, den 18. Mee 1979, zu engem éischte grondleeënde Gesetz komm. Dat Gesetz ass den 3. Abrëll 1980 reforméiert ginn, virun allem wéinst enger Verbesserung vun der Fräistellung vun de Betribsdelegéierten.

Bis haut ass dat Delegatiounsgesetz permanent erweidert ginn duerch Gesetzer iwwert den Aarbechtsvertrag, d'Deelzäitaarbecht, d'Leihaarbecht, d'Sécherheetsdelegéierten, d'Auslännerwahlrecht, d'Délégués à l'égalité an duerch d'PAN-Gesetz.

En zweete grondleeënde Feiler vun deem Sozialdialog war awer d'Matbëstemmungsgesetz vum 6. Mee 1974, wou d'Comités mixtes d'entreprise agefouert gi sinn, wou Salariatsvertrieder ënner bestëmmte Konditioune genannt konnte ginn a Verwaltungsréit an enger Rei vun Entreprisen. Ech wëll do nach eng Kéier déi determinéierend Roll vum deemolege Statssekretär am Aarbechtministerium, eise Kolleeg Jacques Santer, ervirhiewen.

Den außerbetriibleche Sozialdialog ass agefouert ginn duerch d'Tripartite, duerch de Wirtschafts- a Sozialrot an iwwert d'SNCI. Zu deenen dräi, wëll ech am Numm vu menger Fraktioun soen, datt eiser Meenung no keen akuten Handlungsbedarf ass, fir déi Gesetzgebungen de Moment ze reforméieren.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, eng éischt Schlussfolgerung op déi Entwécklung an hir Resultater ass, datt et onverzichtbar ass, datt eise Sozialdialog weider bestoe bleiwe muss, ofgeséchert, aktualiséiert, ausgebaut a verbessert muss ginn. Dorun zweifelt keen, weder d'Gewerkschaften nach d'Wirtschaft, nach d'Regierung an och net d'CSV. Duerfir ass et richteg a gutt, datt mir haut dës Debatt hunn, wou dee Sozialdialog duerch eng Reform den heitege Begebenheeten entspriechend verbessert soll ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Mëtteg huet den OGB-L demonstréiert, fir d'Politik an déi politesch Responsabel virun hir Verantwortung ze stellen. Den LCGB huet dat op eng aner Aart a Weis scho gemaach. Ech ka soen an deklaréieren, datt d'Politik mat Sécherheet sech hirer Responsabilitéit bewosst ass. Ech weisen do op de Koalitiounsaccord hi vum August 1999 tëschent deenen zwou Regierungsparteien. Opgrond vun deem Koalitiounsaccord huet de Minister Biltgen eng ganz Rei vu Concertatiounsgespréicher ugefaangen. Déi Gespréicher goufen ënnerbrach duerch eng Rei Ëmstänn, op déi ee séier wéineg Afloss hat, ënner anerem awer och, well mir mat Volldamp un der Reform vum Kollektivvertragsgesetz geschafft hunn, wat virgëschter am Regierungsrot ugeholl ginn ass an dëser Deeg an der Chamber déposéiert wäert ginn. Doriwwer eraus wësse mir - an ech kommen nach eng Kéier drop zréck -, datt mat Volldamp un enger Reform iwwert d'Gesetzgebung vun der Gewerbeinspektioun geschafft gëtt.

Esou gesinn, ass effektiv vill Damp amgaang gemaach ze ginn, Här Lux, an zu deem Damp, dee gemaach gëtt, hutt Dir Ären Deel bäigedroen, andeem Dir den 2. Oktober 2001 eng Demande gemaach hutt, fir eng Orientéierungsdebatt hei an der Chamber ze organiséieren. Den 21. November, ganz kuerz duerno, huet d'Commission du Travail et de l'Emploi sech fir d'éischte Kéier mat der Organisatioun vun deem Débat ausernanergesat an huet definéiert, wéini deen Débat organiséiert sollt ginn: am Januar oder Ufank 2002.

Mir hu weider definéiert, wat mir während deem Débat sollte maachen. Mir hunn och décidéiert, datt mir sämtlech Gewerkschaften, déi e Mandat an de Berufschamberen hunn, géifen invitéieren, fir datt si eis kéinten hir Meenung soen iwwer dat, wou si, opgrond vun hiren Erfahrungen, et géifen noutwenneg gesinn, déi bestehend Gesetzgebung ze reforméieren. Mir hunn d'Patronatsorganisatioune geruff, an den Här Lux huet lech et jo gesot, mir hunn d'Vertrieder vun der SNCI geruff, en plus de Büro vum Wirtschafts- a Sozialrot. Mir sinn dann zu Konklusioune komm an hunn de 15. Mee e Bréif un de Chamberpresident geschriwwen, datt mer prett wieren, fir deen heitegen Débat ze féieren. Mir hätten e scho gäre gehat virun der Summerpaus, et war awer net méiglech.

Awer direkt au départ vun dëser Sessioun, eng Woch duerno, ass de Moment komm, wou mer deen Débat féieren a wou mer versichen der Regierung eng Rei Orientéierungen ze ginn, wat mir eis virstellen, wat sollt a misst iwwerluegt ginn, fir déi zwou Gesetzgebungen ze reforméieren. Et ass vun eis aus näischt verschleeft ginn an dat ass de Beweis, datt mer effektiv eis eiser Responsabilitéit voll a ganz bewosst sinn. Ech wëll vun dëser Plaz aus de Kolleegen aus der Kommissioun an all deene Gewerkschaften, Patronatsorganisatiounen an aneren Institutioune merci soen, datt se kollaboréiert hunn an an eiser Kommissioun esou positiv matgeschafft hunn.

Kolleeginnen a Kolleegen, opgrond vun alldeem stellt d'Fro sech: Besteet Handlungsbedarf oder besteet keen Handlungsbedarf? Säit 1974, iwwer 1979 a bis haut huet déi wirtschaflech Landschaft sech zu Lëtzebuerg wesentlech verännert. D'Betriibsstrukturen hu fundamental geännert. D'Entscheedungsstrukturen sinn anescht wéi virun 20 Joer. Grenziwwerschreidend hu sech wirtschaftlech Interessen entwéckelt. Mir schwätzen haut vu Mondialiséierung. Déi nei Technologien hunn d'Betriibsofleef wesentlech beaflosst.

An deem Ganzen ass d'Rollestellung vum schaffende Mënsch anescht, wéi dat viru 25 Joer war. Ëmwelt, Sécherheet a Gesondheet hunn aner Dimensioune kritt an de Betriber an an de Relatioune mat de Leit, déi an deene Betriber schaffen. D'Chancëgläichheet zwësche Mann a Fra, Mobbing a Stress dominéieren d'Zesummeliewen am Betrib; d'Teleaarbecht, déi ëmmer méi wäert ëm sech gräifen, a wou mer musse légiféréieren, werfen aner Froen op, wéi mer se während deene leschte Jorzéngten an de Betriibsofleef kannt hunn. Dat ergëtt, datt de Gewerkschafte ganz aner, nei a vill méi komplizéiert Aufgaben opleien, wéi dat viru 25 an nach méi Joren de Fall war.

Wann een dat eng Kéier esou resüméiert, mengen ech, dann ass d'Äntwert op meng Fro, ob Handlungsbedarf besteet, ganz kloer. Et besteet akuten Handlungsbedarf fir d'Ausschussgesetz an d'Matbestëmmungsgesetz, opgrond vun den heitege Begebenheeten an opgrond vun deenen Erausfuerderungen, déi mar op eis zoukommen, grondleeënd ze reforméieren an ze aktualiséieren.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, opgrond vun deem wëll ech e puer Schlussfolgerungen zéien a verbanne se gläichzäiteg mat enger Rei vu Virschléi am Numm vun der CSV-Fraktioun. Et geet drëm, wa mer wëllen de Sozialdialog verbesseren, fir deenen, déi de Sozialdialog ze féieren hunn, méi Responsabilitéit ze ginn, a fir méi Matbestëmmung ze erméiglechen. Méi Responsabi-

litéit engem Mënsch, enger Organisatioun oder enger Institutioun ginn, dat bedeit, datt ee muss un éischter Stell drun denken eng bestëmmten Unzuel vu qualitative Verbesserungen duerchzeféieren. Et ass dat - wat ech an enger Klammer wëll soen -, wat d'Patronaatsorganisatioune soen: Mir ginn éischter a Richtung qualitativ Verbesserungen, wéi dass mir vu quantitative Verbesserunge schwätzen. Mee och quantitativ Verbesserungen - do kommen ech drop zréck - sinn onverzichtbar.

Zu de qualitative Verbesserungen ass schonn eng Décisioun gefall. Et ass eng Fuerderung, déi mer an eiser Motioun bréngen.

Éischtens, muss den Alter vum passive Wahlrecht vun 21 op 18 Joer ofgesenkt ginn.

Zweetens, sollen a mussen d'Aufgabeflichten an d'Prérogative koordinéiert ginn tëschent dem Delegatiounsgesetz an dem Gesetz vu de Comités mixtes d'entreprise.

Drëttens, musse mer eis iwwerleeën, fir en Ausbau vu Matentscheedung a ganz bestëmmte Fäll, virun allem a Fäll, wou et ëm d'Schicksal vum Personal an den Entreprisë geet. Dir kënnt Iech erënneren, wéi mer virun e puer Méint iwwert d'Reform vum Dateschutz diskutéiert hunn, dunn huet sech erwisen, wéi noutwenneg a wéi wichteg esou en Ausbau vun der Matentscheedung ass. E muss realiséiert ginn.

Véiertens, muss am Rahme vun Entscheedungen, déi opgrond vun engem Feelverhalen oder vun engem net Bëuechte vun de gesetzleche Bestëmmungen décidéiert ginn, d'Méiglechkeet awer bestoen, déi ze annuléieren, respektiv ze suspendéieren duerch eng Entscheedung, déi vläicht d'Gewerbeinspektioun kéint treffen.

Da geet et drëm, fir sech ze iwwerleeën, fir zu enger Erweiderung vum Kompetenzberäich ze kommen am Zesummenhang mat den Aufgabe vun den Delegéierten.

Dat betrëfft, wéi ech et schonn eng Kéier skizzéiert hunn: d'Emwelt, de Mobbing, den Harcèlement an de Stress.

Virun allem wësse mer, datt während deene leschte Joren nei Technologie wesentlech d'Betribsofleef changéiert hunn. Et geet drëm, datt am Zesummenhang mat der Ausübung an der Uwendung vun neien Technologie muss am Comité-mixte-Gesetz an am Delegatiounsgesetz iwwerluegt ginn, wéi wäit ee Matdécisiounsméiglechkeeten de Personalvertrieder do gëtt. Den Här Lux huet et scho gesot, déi nei Informatiounstechnologië mussen dach kënne vun den Delegatioune benotzt ginn, fir besser mat der Belegschaft a mat hire Gewerkschaftsorganisatioune kèennen ze kommunizéieren.

Dann hunn ech et jo scho gesot, datt am Zesummenhang mat der Teleaarbecht ganz nei Fonctiounsproblemer entstinn, Fonctiounsproblemer fir d'Delegatiounen. Deem muss Rechnung gedroe ginn an enger Reform.

Da kënnt eng ganz wesentlech Verbesserung, wou mer mussen drop lasssteieren, wa mer vu méi Responsabilitéit schwätzen, vu méi Matbestëmmung a vu méi Méiglechkeete seriö ze diskutéieren a verständnisvoll Sozialpartnerschaft am Betrib virzefannen, dann ass et onverzichtbar, datt mer e weidere Schrëtt maachen zu enger besserer Formatioun hi vun den Delegéierten, vun de Gewerkschaftsmilitanten an de Betriber, déi eng Kéier Delegéierte kënne ginn, a vun den Ersatzdelegéierten. Et muss zu enger Verstäerkung vun de Kontrollméiglechkeeten komme vun de Sécherheetsdelegéierten.

Doriwwer eraus gëtt et nach zwou qualitativ Verbesserungen, wou mer der Meenung sinn, datt ee sech muss Gedanke maachen an dat sinn d'Schutzbestëmmunge vun den Delegéierten a vun deenen, déi hiert Mandat ofgeschloss hu géigeniwwer vun den Entloossungen. Des Weidere soll ee préiwen, ob duerch d'Mandatsperiod vun engem Delegéierten et net zu Lounaboussunge kënnt no senger Mandatzäit kommen. Ech mengen esou Faite soll een eng Kéier examinéieren, an da versichen dat eventuell auszeschléissen.

Här President, dat zu de sou genannte qualitative Verbesserungen, déi, eiser Meenung no, missten an déi ganz Diskussioun mat erabruecht ginn. E kuerzt Wuert nach zu de quantitative Verbesserungen.

Et stellt sech d'Fro, no 25 Joer Erfahrung, ob et net ubruecht ass, zu enger Ausdehnung vum Uwendungsberäich ze kommen. Dir wësst, de Comité mixte gëtt agefouert bei enger Belegschaftszuel vun 150 Beschäftegter an d'Vertriedung vun den Arbeitnehmer an de Verwaltungsréit gëtt agefouert bei Betriber iwwer 1.000 Beschäftegter. D'Fro stellt sech, opgrond vun neie wirtschaftleche Strukturen, wat vill méi kleng Entitéite sinn, déi awer e vill méi grousse wirtschaftlechen Impakt hunn, wéi dat viru 25 Joer war, ob et net ubruecht wier, fir déi Seuilen do - ech nenne kee Chiffer - an engem verstännege Mooss erofzesetzen.

Doriwwer eraus ass et wichteg, dass mer iwwerleeën, wéi wäit d'Mobilitéit vun den Delegéierten am Betrib, ausserhalb dem Betrib, a virun allem am Dialog mat hire Gewerkschafte misst a sollt verbessert ginn. Et stellt sech d'Fro, wéi wäit bestëmmt Fräistellungsméiglechkeete kéinten ausgedehnt ginn, virun allem och d'Crédideuren, déi zur Fräistellung féieren, fir dass d'Delegéierte besser hiren Aufgabe kënnen nokommen. Och soll iwwerpréift ginn, ob et net zu enger Erweiderung vu Fräistellunge komme soll.

Ouni elo ze soen, dass dat misst geschéien, mengen ech, dass et wichteg an noutwenneg ass, dass mer niewent qualitative Verbesserunge vun dem Delegatiounsgesetz a vun dem Gesetz iwwert d'Comités mixtes d'entreprises eis och déi dote quantitativ Fro stellen.

Fir ofzeschléissen, mengen ech, wier et onerlässlech, dass d'Delegatiounen an de Betriber eng administrativ Ënnerstëtzung kréischen, fir hiren Aufgabe besser kënne gerecht ze ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat waren, a geraffter Form, am Telegrammstil, e puer konkret Virschléi vun eiser Fraktioun un d'Adress vun der Regierung. D'Regierung war jo der Meenung - éier se e weidere Schrëtt géif zu engem Avant-projet hi maachen-, dass et noutwenneg wier, fir d'éischt ze wëssen, wat d'Chamber da fir Orientéierungen der Regierung mat op de Wee géif ginn. Deementspriechend hu mer eis an eiser Fraktioun concertéiert, a mir hunn déi dote Virschléi zesummegedroen, fir der Regierung an dem Minister se als Orientéierung mat op de Wee ze ginn. Deem wier nach bäifügen d'Ëmsetzung vun der EU-Direktiv vum 11. Mäerz 2002, betreffend d'Informatioun an d'Concertatioun vun den Arbeitnehmer.

Ofschléissend, Kolleeginnen a Kolleegen, riichte mir en Appel un d'Regierung, a virun allem un de Minister Biltgen - an ech weess, dass dat net op daf Ouere stéisst -, spéitstens virun Enn 2003 e Reformprojet iwwert d'Delegatiounen, d'Comités mixtes d'entreprise an d'Verwaltungsréit op den Instanzewee ze bréngen, deem awer eng breet Konsultatioun virausgoe muss, esou wéi dat gutt gemaach ginn ass beim Reformprojet iwwert d'Kollektivvertragsgesetz.

E lescht Wuert: Ech hunn et schonn ugedeit, an de Lucien Lux huet et och am Numm vu senger Fraktioun gesot, opgrond vun neie Befugnisser, opgrond vu preventive Kontrollen am Zesummenhang mat der Anhalung vum Aarbechtsrecht, mat der Anhalung vu Sécherheets- a Gesonndheetsbestëmmungen, am Rahmen vun Instanze fir ze schlichten, fir Entscheedungen eventuell réckgängeg ze maachen an enger Rei aner Aufgaben, déi d'Gewerbeinspektioun kritt huet, ass et onverzichtbar, dass schnellstens déi laang versprache Reform vun der Gewerbeinspektioun endlech Realitéit gëtt.

An engem Mount, mengen ech, feiert d'Gewerbeinspektioun 100 Joer. 100 Joer laang huet déi Gewerbeinspektioun wichteg Aufgaben hei zu Lëtzebuerg realiséiert an erfëllt. Ech mengen, et wier dee beschtméiglechste Moment bei där 100-Joer-Feier, fir de Minister fir ze deklaréieren, dass deen Avant-projet de loi praktesch ofgeschloss wär an d'Chamber kuerzfristeg domat kënnt befaasst ginn.

***(Interruption)***

A wann de Minister Biltgen dat eng Kéier seet, da widderhëlt hien dat keng zwee Mol, well da gëtt et gemaach.

Kolleeginnen a Kolleegen, dat waren déi Virschléi, déi ech am Numm vu menger Fraktioun virgedroen hunn. Mir hunn déi an enger Motioun zesummegefaasst. D'Motioun ass mat ënnerschriwwe vun de Kolleege vun der DP-Fraktioun. Ech géif dann zum Ofschloss Iech, Här President, déi Motioun iwwerreechen. Iech alleguerte soen ech merci, dass Dir mir esou laang nogelauschtert hutt.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que les phénomènes de mondialisation et de globalisation ont profondément modifié l'environnement économique et social dans lequel évoluent les entreprises;*

*- considérant que les mécanismes et structures de représentation et de participation des salariés à la vie d'entreprise ne répondent plus aux impératifs d'une économie moderne globalisée;*

*- considérant que dans un monde caractérisé par la mondialisation, le dialogue social, en tant qu'instrument favorisant la paix et la stabilité sociale, est amené à jouer un rôle particulièrement important et à constituer le cadre de référence des relations de travail de plus en plus complexes;*

*- considérant qu'il est, dès lors, nécessaire de disposer d'instruments et de mécanismes de cogestion et de dialogue social aptes à jouer ce rôle et partant à répondre aux défis que les mutations économiques posent;*

*- considérant que l'importance du dialogue social se trouve soulignée dans l'avis du Conseil social et économique du 21 décembre 2000, le CES y affirmant qu'il est indispensable d'institutionnaliser davantage le dialogue social c.à.d. de mettre en place une plate-forme et des procédures adéquates afin d'accompagner et encadrer les processus décisionnels, et ce tant au niveau européen qu'au niveau national;*

*- considérant que les principaux acteurs du dialogue social entendus dans le cadre du présent débat d'orientation à la Chambre par la Commission du Travail et de l'Emploi sont favorables à une réforme des législations sur les délégations du personnel et les membres des organes de cogestion;*

*- considérant que l'accord de coalition d'août 1999 prévoit, en outre, une adaptation aux nouvelles données de la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes, ainsi que de la loi modifiée du 18 mai 1979 portant réforme des délégations du personnel;*

*invite le Gouvernement*

*- à donner une base légale aux accords interprofessionnels conclus par des partenaires sociaux représentatifs au niveau national;*

*- à réfléchir, en tenant compte des spécificités notamment structurelles du monde entrepreneurial luxembourgeois, à l'opportunité d'étendre le champ d'application des comités mixtes tel qu'il résulte de la loi modifiée du 6 mai 1974, en abaissant notamment les seuils de mise en place d'un tel organe de cogestion;*

*- à réduire à dix-huit ans la condition d'âge pour le droit de vote passif lors des élections des délégués et autres représentants des salariés;*

*- à agencer les législations sur les comités d'entreprises et la représentation salariale, et les délégations du personnel au niveau des attributions, des droits et des devoirs des délégués et autres représentants des salariés en vue de construire un échafaudage logique favorisant le dialogue social à tous les niveaux envisageables;*

*- à redéfinir, le cas échéant, les compétences des représentations du personnel eu égard à la diversité et complexité croissantes des situations auxquelles elles doivent faire face en intégrant la problématique de l'environnement, du mobbing, du harcèlement et du stress dans les compétences d'attributions des délégués respectivement des comités mixtes;*

*- à prévoir, dans ce même ordre d'idée, de faire figurer dans les attributions des représentations du personnel la discussion des questions engendrées par l'emploi des nouvelles technologies ainsi que de conférer aux représentations du personnel la possibilité de recourir dans la mesure du possible aux nouvelles technologies pour communiquer avec les salariés;*

*- à privilégier dans ces démarches réformatrices l'aspect qualitatif du dialogue social, et réfléchir dans ce contexte à la possibilité de promouvoir et améliorer encore davantage la formation des délégués en général, et en particulier des délégués à mission spécifique, notamment des délégués à l'égalité, qui ne disposent pas toujours des moyens et connaissances adéquats leur permettant d'exercer leurs missions de manière optimale;*

*- à promouvoir et soutenir, en outre, l'activité des délégués à la sécurité en vérifiant s'il est notamment possible de renforcer leurs missions de contrôle;*

*- à réfléchir aux moyens pratiques de faciliter la tâche administrative des représentants du personnel;*

*- à envisager, sauf en cas de faute grave, une amélioration de la protection juridique des délégués en matière de licenciement afin de permettre aux délégués d'accomplir leurs tâches dans l'indépendance et la sérénité requises;*

*- à présenter, dans les meilleurs délais, et au plus tard avant la fin de l'année 2003, un projet de réforme des législations sur les délégations de personnel, les comités mixtes et la représentation des salariés dans les conseils d'administration, après en avoir discuté au préalablement avec tous les partenaires sociaux concernés;*

*- à prendre les mesures qui s'imposent afin de transposer en droit national la directive 2002/14/CE du parlement Européen et du Conseil du 11 mars 2002 établissant un cadre général relatif à l'information et la consultation des travailleurs dans la Communauté européenne et de profiter de cette opportunité pour réfléchir à la mise en place de mesures dissuasives en cas de non-respect par l'employeur de ses obligations d'information et consultation;*

*- à réformer la loi modifiée du 4 avril 1974 portant réorganisation de l'Inspection du Travail et des Mines au regard des missions sans cesse croissantes que cet organe est, et sera, amené à remplir et présenter dans les meilleurs délais possibles un projet de réforme de la législation en question.*

*(s.) Marcel Glesener, Niki Bettendorf, Nico Loes, Jean-Paul Rippinger, Lucien Weiler.*

**Des voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. D'Wuert huet den Här Bettendorf.

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Här President. Dir Dammen an Dir Häre, op Initiativ vum zoustännege Minister an op Basis vun den Intentiounen, déi am Koalitiounsaccord vun 1999 opgezielt sinn, huet d'Commission du Travail et de l'Emploi dës Orientéierungsdebatt preparéiert. Op dëser Plaz wëll ech dem President vun der Kommissioun, dem Marcel Glesener, e grousse Merci ausspriche fir déi vill Aarbecht, déi hie sech mat der Organisatioun vun dësem Débat gemaach huet.

Mir schneiden zwee Voleten un, déi sech ëm d'Thema vum Sozialdialog dréinen. Den éischte Volet betrëfft d'Kompetenz an d'Interventioun vum Comité de coordination tripartite. Den Accord de coalition hält d'Haltung vun de Regierungsparteien onmëssverständlech fest: "Les deux délégations réitèrent leur soutien à cet instrument du dialogue social et leur volonté de discuter et de négocier dans l'enceinte tripatite. Le dialogue social au sein du Comité de coordination tripartite doit se faire en concertation étroite avec la Chambre des Députés (p.ex. débats d'orientation)."

Och fir den zweete Volet vum Débat zeechent de Regierungsaccord d'Piste vir, andeems am Kapitel "Législation sur les délégations, les comités mixtes et la cogestion" Folgendes festgehale ginn ass: "La réflexion doit porter sur les mécanismes de représentation des salariés d'une entreprise comportant plusieurs entités, moyennant définition du bénéficiaire économique/entité économique, en s'inspirant le cas échéant des règles établies par le législateur communautaire."

Dir gesitt also, wann och an deene Regierungsdeklaratioune vu virdrun dat schonn alles eng Kéier festgehale gouf, esou awer eréischt dës Regierung décidéiert dat duerchzezéien. Ech sinn iwwerzeegt, dass mat eiser Bedeelegung dat doten duerchgezu wäert ginn.

Duerno gëtt eng Upassung vun der betraffener Législatioun un déi nei Donnéeën uviséiert a folgend Punkten ginn, ënner anerem, zitéiert: "...uniformiser les législations sur la représentation des salariés; donner davantage de compétences aux représentations en matière d'accès à l'information de la sécurité, de l'environnement et de l'égalité des chances; abaissement à 18 ans de l'âge du droit de vote passif aux élections sociales". Schliesslech nach, wat d'Comités européens d'entreprises ubelaangt: "...nécessité de finaliser la loi."

Am Mëttelpunkt vun dëser Thematik a vum Débat vun haut steet gegebenenfalls eng Reform oder

Upassung vun de Gesetzer iwwert de sozialen Dialog. Dat ass haaptsächlech d'Gesetz vun 1974 iwwert d'Cogestioun an d'Comités mixtes an den Entreprisen, d'Gesetz vun 1979 iwwert d'Délégations de personnel an d'Gesetz vum 24. Dezember 1977, wat de Comité de coordination tripartite als wichtegt Instrument am Sozialdialog instituéiert huet. Als véierte Punkt a menger Opzielung steet de Conseil économique et social, deen an engem interessanten Avis vum 21. Dezember 2000 sech Gedanken iwwer seng eege Réforme publique gemaach huet.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll da mat dësen zwee leschte Punkten, der Tripartite an dem Wirtschafts- a Sozialrot, ufänken. Déi zwou Institutiounen hu sech zu Lëtzebuerg bewährt. Während de Wirtschafts- a Sozialrot a senge fondéierten a recherchéierten Avisen der Lëtzebuerger Regierung, dem Parlament an der interesséierter Gesellschaft regelméisseg Denkustéiss zu villen interessanten Theme liwwert, an domadder sengem Rôle de consultation et de conseil méi wéi gerecht gëtt, huet d'Tripartite eng enorm wichteg Roll am Sozialdialog ausgefëllt.

Den ursprüngleche Grond vun der Kreatioun vun der Tripartite war deen, fir aus der deemoleger Stolkris en Auswee ze fanne mat Léisungen, déi wéi gedoen hunn, mee awer schlussendlech am soziale Konsens vun alle Sozialpartner getraff gi sinn. Wéi deet et natierlech, wann eng politesch Partei gehollef huet d'Stolindustrie ze retten a sech da 15 Joer laang an der Oppositioun erëmfonnt huet.

Fréier an haut huet dës Institutioun seng wichteg Fonctioun, fir de Sozialfridden zu Lëtzebuerg ze erhalen, erfëllt. Dëst war an ass e wichtegt Argument. Mir kennen de Sozialfridden, ouni regelméisseg grouss Massestreiker, wéi am Ausland üblech, ze hunn. De Sozialfridden ass wichteg, fir ausländnesch Investisseuren op Lëtzebuerg ze kréien. Dat brauch een heibannen, wuel kengem méi ze erzielen. Ech wollt et awer erwähnen, well eis Bierger dobausse solle sech deess ëmmer bewosst sinn. Grad wéi een erwähne muss, dass d'Regierung, niewent de Salariatsvertrieder an dem Patronat, als vollwäertege Member an der Tripartite vertrueden ass, wat dëser Institutioun eng Legitimatioun gëtt, fir Moossnamen oder souguer Packagen auszehandelen, déi an enger zweeter Phas vum Parlament iwwerschafft a vläicht verbessert ginn an an eis Sozial- an Aarbechtslégislatioun kënnen iwwerholl ginn. Ech denken hei konkret un dat, wat mir erlieft hu mat dem PAN-Gesetz.

Dës Legitimatioun feelt dem Wirtschafts- a Sozialrot. Effektiv sëtzen am WSR keng Regierungsvertrieder mat engem Pouvoir décisionnel. Et kënnen also keng Mesuren oder Direktive getraff ginn, déi op iergendeng Manéier d'Regierung an d'Chamber géinge bannen. An dësem Froekomplex spillt d'Prérogativ vun der Chamber, an hirem Droit souverain Gesetzer ze stëmmen, mat eran. Et muss een am Kader vun de Reformbestriewunge vum WSR oppassen, dass dës Prérogativen net touchéiert ginn. Et däerf net zu deenen Diskussioune kommen, déi mir scho kennen am Zesummenhang mat der Tripartite, wéi et eben am Kader vum PAN-Gesetz war. Duerfir sinn ech net der Meenung, dass een de WSR mat entspriechende Pouvoiren ausstatte soll.

Des Weideren, wann ech un e Message denken, dee vun alle Gewerkschaften a vun der UEL gedeelt ginn ass an den Auditioune vun der Kommissioun, dann ass ee vun den Haaptuleiessen deen, fir de Sozialdialog ze vereinfachen. Dëst ass besonnesch esou ze verstoen, dass een doubles emplois soll vermeiden, déi noutgedrongen entstinn, wann de WSR nei Kompetenze kréisch, déi sech mat deene vun der Tripartite iwwerschneide géifen.

Par contre, kann ech mir gutt virstellen, dass de WSR eng nei Missioun kéint iwwerhuelen, fir d'Pouvoirs politiques mat fondéierten an déifgräifenden Avisen ze begleeden am Kader vum Dialogue social européen an am Kader vun der europäescher Politique économique an hiren Orientatiounen.

Här President, am zweeten Deel vu menger Interventioun ginn ech op de Volet a vun de Personaldelegatiounen, de Vertriedunge vum Personal, der Cogestioun an der Participatioun um Sozialdialog vum Personal a vun de Gewerkschaften.

Déi bestehend Législatioun zu Lëtzebuerg ass gutt an huet hir Friichte gedroen. Et kann een d'Meenung vertrieden, dass een dat, wat gutt funktionéiert net soll stéieren. Entspriechend ginn d'Meenungen heiriwwer auserneen. Während d'Gewerkschaften unisono fir eng déifgräifend Reform vun der entspriechender Législatioun antrieden, weist sech d'Patronatssäit méi zréckhalend.

Esou huet zum Beispill d'Fédération des Artisans anlässlech der politescher Rentrée d'lescht Woch gemengt: "Was die Mitbestimmung in den Betrieben angeht, so sieht die Handwerkerfederation keinen Reformbedarf". Den Direkter vun der Handwierkerfederatioun gëtt mat folgendem Statement zitéiert: "Warum Gesetze, die sich bewährt haben, modernisieren und damit alles verkomplizieren?“ Hie gëtt dem direkte Sozialdialog tëschent dem Arbeitnehmer an dem Arbeitgeber de Virzuch.

D'Union des Entreprises luxembourgeoises weist sech och méi retizent. Si mécht awer e puer interessant Virschléi, wéi déi entspriechend Gesetzgebung moderniséiert, respektiv de Sozialdialog frësche Wand ageblose ka kréien. Ech kommen nach dorobber zréck.

D'Äntwert op dës Froe läit, wéi meeschtens, wahrscheinlech an der gëllener Mëtt. De Ball läit elo bei der Chamber, fir der Regierung déi Orientatioune mat op de Wee ze ginn, fir déi betreffend Législatiounen unzepassen, wou am meeschten de Schong dréckt. Mir als Demokratesch Partei waren a si fir d'Matbëstemmung. Wa mir awer soe Matbestëmmung, dann ass dat fir ons selbstverständlech Matveranwortung.

Dir Dammen an Dir Hären, déi wirtschaftlech Entwécklung vun de leschte Jorzéngten huet zu deelweis gewaltegen Ëmwälzungen um Niveau vun de Betriibsstrukture gefouert. D'Evolutioun vun der Ekonomie an den Entreprisen, um europäeschen an um internationale Plang, huet der Politik, mee och dem Syndikalismus gewisen, wat et heescht iwwert d'Lännergrenzen erauszegoen an transnational ze denken. Dausende vu groussen a klengen Entreprisen hu sech am Laf vun der Zäit net nëmmen an hirem Land etabléiert, mee doriwwer eraus an anere Länner.

***(M. Willy Bourg prend la Présidence)***

Schlagwierder hei si Begréffer, wéi Morcellement vun den Entreprisen, Outsourcing, Externalisatioun oder Opsplitterung a verschidde getrennten Entités juridiques. Dass dës Evolutioun hir Auswierkungen op den Sozialdialog huet, ass einfach ze verstoen. D'Fro ass berechtegt, ob déi Lëtzebuerger Gesetzgebung, déi gréisstendeels aus de siwwenzeger Jore stammt, nach den heitegen Erausfuerderungen ugepasst ass? D'wirtschaftlech Contrainten an d'Entwécklung um Aarbechtsmarché, déi ganz enk matenee verzahnt sinn, mécht viru sozialen Tabuthemen net Halt. Ech konnt et liesen, ech denken un d'Koalitiounsverhandlungen an Däitschland, wou de leschte Wirtschaftsminister Werner Müller dem neie Superminister fir Aarbecht a Wirtschaft Clement déi Iddi mat op de Wee ginn huet, fir de Kündigungsschutz ze lockeren.

Déi däitsch Gewerkschafte lafe selbstverständlech prophylaktesch Stuerm. Den designéierten Superminister fënnt ganz vill Sympathie fir dëse Virstouss, an de Bundeskanzler wiegelt of. Wat ech mat dësem Beispill soe wëll ass, dass a sozialdemokratesche Kreeser, sou ze soen, al verbriefte Rechter a Schutzmechanisme fir den Aarbechter um Préifstand stinn.

Ech wëll awer och hei soen, dass mir zu Lëtzebuerg eng ähnlech Debatt weder féiere sollen, nach féiere mussen. Et gëllt fir eis, eise Sozialmodell an eise Sozialdialog ze festegen, dëst a wirtschaftlech gudden Zäiten, mee och a wirtschaftlech méi schwieregen Zäiten, wéi mir grad eng duerchliewen. Hoffentlech dauert si net esou laang, wéi an der Bibel, wou et déi sieben fetten Jahre an dann déi sieben mageren Jahre gi sinn. Hoffentlech geet déi schlecht Zäit méi schnell eriwwer.

**M. Lucien Lux** *(LSAP).*- Am Rapport de coalition vu Rout-Gréng an Däitschland ass et ausdrécklech refuséiert an net virgesinn, à l'encontre vun deem, wat d'FDP gären hätt, well déi hätte gären eng Dereguléierung vun de Betriber.

**M. Niki Bettendorf** *(DP).*- Mir sinn do net an de Verhandlungen dobäi. Dat sinn Är Kolleegen, déi dobäi sinn.

***(Interruptions diverses)***

An dësem Sënn ass dann den entspriechende Passage aus eisem Koalitiounsaccord iwwert de Sozialdialog ze gesinn, deen ech virdrun zitéiert hunn.

Eng Prioritéit, déi vun der Ëmsetzung vun der europäescher Législatioun vun de Comités d'entreprises européens, ass mam Gesetzesprojet 4522 vu virun dräi Joer scho virgeholl ginn. Dëst Gesetz, wat op enger europäescher Direktiv baséiert, ass e wichtege Steen am Mosaik vun eiser Législatioun. D'Informatioun an d'Kommunikatioun tëschent dem Siège vun enger Entreprise an hire Succursalen am Ausland an de Salariéë steet elo op gesetzlech feste Féiss.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Grënn an d'Ursaache si vum Morcellement vun den Entreprisen, do gëtt et haaptsächlech zwou verschiddener, déi a Fro kommen. Eng Ursaach, déi vun de Gewerkschaften oftmools an eisen Hearingen de Virzuch krut, war déi, dass d'Patronat oder d'Direktioun vun der Entreprise e Splitting géing virhuelen, fir de gesetzleche Contraintë vun der Cogestioun aus de Féiss ze goen.

Eng zweet Ursaach, déi fir den OGB-L seng Richtegkeet huet, läit a wirtschaftleche Considératioune vun enger kommerzieller Strategie, dat heescht aus wirtschaftlechen oder fiskaleschen Iwwerleeungen eraus gëtt eng Opdeelung vun der Entreprise an zwou juristesch oder méi getrennten Entitéiten oder en Outsourcing vu bestëmmten Aktivitéiten ugestrieft. An dësem Zesummenhang gëtt dann doriwwer nogeduecht, fir eng Délégation de personnel um Niveau vum Groupe d'entreprise anzesetzen, dëst fir ze verhënneren, dass eng Opspléckung vun enger Entreprise zu engem Courtcircuitage vun de gesetzlechen Dispositioune vun der Cogestioun féiere soll.

Interessant ass, dass d'UEL sech net géint dës Iddi stäipt. Et besteet also eng Ouverture vu Säite vun der Patronaatsvertriedung. Hir eenzeg Bedingung ass, fir der Delegatioun um Niveau vum Groupe d'entreprises e Caractère alternatif par rapport zu den Délégations principales oder centrales ze ginn. Ech kann dës Iwwerleeunge verstoen, well e Caractère cumulatif zu doubles emplois géing féieren, déi fir e strukturéierten Dialogue social an enger zügeger Informatioun a Kommunikatioun tëschent de Salariéen an der Direktioun géife beschwéierlech, wann net souguer behënnerlech, ginn.

Och ouni Opspléckung vun der Entreprise kann et zu Streidereien iwwert d'Delegatioun kommen, wann zum Beispill d'Aarbechter op zwee verschidde Siten, oder méi nach, schaffen. Wann um Site A méi Leit schaffen, wéi um Site B, setzt sech Delegatioun an de meeschte Fäll aus Ugestallte vum Site A zesummen, an déi vum Site B sinn onzefridden.

Wat d'Problematik vun den Delegéierte betrëfft, do gëtt et verschidden Iwwerleeungen a punkto nei Missiounen, a puncto Evolutioun vun hirer berufflecher Carrière, a puncto Formatioun an a puncto vun hire Rechter, déi hinnen am Kader vun der Ausübung vun hirer Funktioun zoustinn.

Zum Punkt vun den neie Missiounen: Et bestinn Iwwerleeungen, fir an den Entreprisen zousätzlech Delegéierten ze designéieren, déi sech ëm d'Problematik vun der Ëmwelt, der Sécherheet an der Gesondheet op der Aarbechtsplaz oder dem Mobbing, dem Stress an dem Harcèlement këmmere sollen. Besonnesch de Mobbing ass haut e Problem oder e Phenomeen, deen an eiser Gesellschaft, an haaptsächlech am Beruffsliewen, aktuell an akut ass.

De Mobbing kann zu gravë gesondheetleche Schied beim Betraffene féieren, egal ob de Mobbing elo tëschent Aarbechtskolleege geschitt oder als Schikanei vun uewen erof op de Salarié ëmfonnt gëtt. De Mobbing berout awer och op enger subjektiver Aschätzung vun der Situatioun vum Betraffenen. Wat als Schikanei ëmfonnt gëtt, ass munnechmol näischt aneres wéi den alldeeglechen Drock, deen op dem Salarié laascht, a woumadder oftmools schwéier ëmzegoen ass.

De Mobbing, de Stress oder d'Belästegung op der Aarbechtsplaz ass en Element an der sozioprofessioneller Struktur, wat negativ Auswierkungen op de Betraffenen huet. Et kann awer och zu negativen Auswierkunge fir de betraffene Service oder fir d'Entreprise kommen, wann duerch alldeeglech Stécheleien a Schikaneien déi Betraffen, dat heescht, de Gemobbten awer och de Mobber, noutgedrongen an hiren Aarbechtsleeschtungen noloossen. De Mobbing ass also e Phenomeen, deen een eescht huele muss a soll, mee, wéi erwaart, doriwwer scheede sech nach ëmmer d'Geeschter.

Soll an den Entreprisen en Delegéierten designéiert ginn, deen eng Ulafsstell ass fir jiddfer Gemobbten oder fir jiddfereen, dee mengt gemobbt ze ginn, oder soll ee grouss ugeluegte Sensibiliséierungskampagne lancéieren iwwer a géint de Mobbing? Während ech op déi zweet Fro mat engem kloere Jo äntwerten, wëll ech de Jo op déi éischt Fro e bëssen nuancéieren.

Et kann een d'Thema vum Mobbing engem Personaldelegéierten als Missioun zouerkennen. Ech sinn awer net der Meenung, dass een onbedéngt en zousätzlechen Delegéierte soll designéieren, deen de Mobbing ausschliesslech als Missioun hätt. Ech mengen also, dass een net en zousätzleche Mobbingdelegéierte soll designéieren, mee et soll een de Mobbing als nei, als zousätzlech Missioun fir déi schonns gesetzlech bestehend Delegéierten definéieren. Déiselwecht Iwwerleeung zielt, wat d'Problematik ugeet vun der Ëmwelt.

Eng Prolifératioun vun den Delegéierten, fir all Genre vu Problematik, ka sech als kontraproduktiv erweisen an deem Sënn, dass d'Haaptresponsabilitéit vun der Personalvertriedung, d'Défense vun den Intérête vum Personal, mam Uwuesse vun der Zuel vun den Delegéierte verwässert gëtt.

Zum Punkt vun der Formatioun: An dësem Zesummenhang ass de Punkt vun der Formatioun an der Formation continue vun den Delegéierten ze gesinn. Effektiv, wann een higeet an de Vertrieder vum Personal nei spezifesch Missioune wëllt ginn, da muss een op där anerer Säit duerfir suergen, dass déi designéiert Delegéierten eng entspriechend an ugepasste Formatioun kënne suivéieren. Fir dës Formatioun kënne sécherzestellen, soll een, wann et néideg ass, déi entspriechend gesetzlech Dispositiounen upassen.

Zum Punkt vun der berufflecher Carrière: Wat elo d'Evolutioun vun der berufflecher Carrière vun engem Personaldelegéierte betrëfft, esou gëtt vu gewerkschaftlecher Säit d'Fuerderung erhuewen, dass en Délégué du personnel hei am Nodeel wier, wann d'Carrière net méi op Basis vun der Anciennetéit évoluéiert, mee op Basis vun aneren Elementer, wéi zum Beispill der Performance vum Salarié. Ech verstinn dës Bedenken. Mir hunn hei an der Chamber Deputéierten aus verschiddene Secteuren. Bei deenen engen ass d'Carrière beim Patron futsch, wa se an d'Chamber kommen an hir Pai stagnéiert, an anere Secteure kommen d'Avancementer vum selwen.

**Une voix**.- Très bien.

**M. Niki Bettendorf** *(DP).*- Entspriechend gëtt eng Verbesserung vun der gesetzlecher Regelung gefrot, wéi et insgesamt zu enger Revaloriséierung an Opbesserung vun de Rechter a Kompetenze vun de Personalvertrieder a vum Matsproocherecht komme soll. Dass et hei zu Divergences de vue tëschent de Gewerkschaften an der UEL kënnt, dat läit op der Hand. Grad esou läit et awer och op der Hand, dass d'Protektioun vun engem Personalvertrieder gesetzlech verankert ass. Esou kann an däerf et net zu enger Diskriminatioun vum Personalvertrieder kommen, wat zum Beispill de Kënnegungsschutz ugeet. Dëst däerf awer net verhënneren, dass och den Delegéierte bei enger Faute grave muss kënnen entlooss ginn.

Et däerf op där anerer Säit net zu enger positiver Diskriminatioun kommen, am Sënn dass de Personalvertrieder méi Rechter huet wéi seng Mataarbechterkolleegen a souguer iwwert dem Gesetz géing stoen. De gëllene Mëttelwee, hei ze fannen ass schwiereg. Ech sinn der Meenung, dass eis Législatioun an dësem Punkt haut schonns déi richteg Akzenter setzt.

Dann zum Punkt vun der Reform vun de Gesetzer. Ech hunn elo grad konkret d'Reform, oder besser gesot d'Adaptatioun vun den entspriechende Gesetzer iwwert d'Personalvertrieder ugeschnidden. Hei sinn eng ganz Rutsch vu Punkten ugeschwat ginn, dorënner ganz wesentlecher, wéi zum Beispill d'Refixatioun vun de Seuils minima bei der Institutioun vun de verschiddene Matsproochorganer. Och hei - an et ass wéineg erstaunlech - ginn d'Meenunge wäit auserneen. D'Gewerkschafte verlaangen eng wesentlech Reduzéierung vun de Seuilen, während déi aner Säit do virdru warnt. Ech muss soen, dass hir Argumenter schwéier vun der Hand ze weise sinn. En Zouhuele vun de Matsproochorganer ass gläichbedeitend mat enger sensibler Augmentatioun vun der Charge administrative a financière vun

den Entreprisen, besonnesch bei de klenge Betriber, bei de PMEen.

Effektiv muss ee virun esou engem Schrëtt kucken, ob d'Prozedure vum Sozialdialog net ze vill schwéierfälleg ginn, esou dass d'Qualitéit vum Sozialdialog ofhëlt. Et géing also just de Contraire vun dem erreecht ginn, wat een uviséiert. Dëst zielt besonnesch bei de klengen Entreprisen.

Zum Punkt vun der besserer Informatioun - ech gesi meng Zäit geet lues zum Enn. Oh neen, ech mengen, ech hunn der awer nach.

***(Interruption)***

Neen, ech hu 25 Minutten, Här Krecké. Ech muss Iech dat soen.

**Une voix**.- Dir hutt nach zwou Minutten an zwanzeg Sekonnen.

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Dann notzen ech déi Minutten nach aus.

**M. le Président**.- Fuert weider, Här Bettendorf.

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Eng weider Fuerderung vun de Gewerkschafte betrëfft d'Informatioun vun de Salariéen an den Délégués du personnel an den Zougang zu de moderne Kommunikatiounstechnologien. Dass hei nach eventuell Handlungsbedarf besteet, dat hunn d'Regierungsparteie schonns 1999 erkannt an dëse Punkt an de Reformkatalog vun der bestehender Gesetzgebung iwwerholl, deen am Regierungsaccord opgezielt gëtt.

An dësem Kontext ass d'Ouverture, déi d'UEL proposéiert huet, ganz interessant. Et gëllt elo dës Piste ze verdéiwen, fir ze kucken, wéi d'Organes de concertation am beschte Profit kënnen zéien aus de moderne Kommunikatiounsmëttelen.

Als Konklusioun, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Liewen an d'Iwwerliewen, d'Wuessen an d'Diversifikatioun vun eiser Wirtschaft si besonnesch an de wirtschaftlech méi schwieregen Zäiten net ëmmer einfach ze conciliéiere mat den Usprëch vun de Gewerkschaften am Domän vum Matsproocherecht. De Lëtzebuerger Modell huet bis haut awer ganz bestëmmt seng Preuvë gemaach. Dat war an ass de Garant vum soziale Fridden a vum Wuelstand hei zu Lëtzebuerg.

Wann dat an der Vergaangenheet en Atout war, fir nei auslännesch Investisseuren op Lëtzebuerg ze kréien, dann zielt dëst och nach fir haut. Et däerf awer op där anerer Säit net dozou kommen, dass dësen dicht gestréckte Kader dozou féiert, dass nei auslännesch Investisseuren ofgeschreckt ginn, fir op Lëtzebuerg ze kommen. D'Konscht läit also doran, wat a wéi een nach eppes am Kader vum Matsproocherecht a vun de Personaldelegatioune ka verbesseren. Piste sinn opgezeechent ginn.

Ech denken zum Beispill un d'Asetze vun enger Personaldelegatioun fir e sou genannte Groupe d'entreprises oder un den Zougang vun de Personaldelegatioune op déi modern Kommunikatiounstechnologien. Fir aner Punkten, wéi zum Beispill d'Erofsetze vum Wahlalter op 18 Joer vum passive Wahlrecht, besteet en allgemenge Konsens.

Här President, de President vun der Chamberkommissioun "Aarbecht a Beschäftegung", den Här Marcel Glesener, huet eng Motioun virgeluegt, déi déi Demokratesch Partei mat ënnerschriwwen huet, wou d'Regierung an enger Rei vu Punkten invitéiert gëtt, eis bestoend Législatioun nach ze verbesseren an iwwer weider Punkten nozedenken, an dat am Intérêt vun alle Schaffenden an awer och vun hire Patronen. Et gëllt virun allem de Standuert Lëtzebuerg, deen eng gutt Renommée huet, ofzesécheren an net liichtfankeg op d'Spill ze setzen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président**.- Merci Här Bettendorf. Den nächste Riedner ass den Här Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Hären, virop wëll ech och déi gutt Viraarbecht begréissen, déi am Fong vum Aarbechtsminister an och vum President vun der zoustänneger Kommissioun an dëser wichteger Orientéierungsdebatt geleescht ginn ass.

Well doduerch, dass all Concernéiert am Virfeld vun der Chamberkommissioun gehéiert gi sinn, kann ee sech e méi oder wéineger kloert Bild vun de Wonschvirstellunge vun deene Betraffene maachen. Et ass kloer, dass bei engem Sujet wéi deem heitegen, wou eng ganz Rei vun diametral opposéierten Usiichte virleien, d'Politik et ëmmer schwéier huet, fir en allgemeng akzeptable Konsens ze fannen.

Dës Debatt huet also zum Zweck, fir iwwert d'Richtung ze diskutéieren, wéi d'Matbestëmmung an de Betriber an Zukunft soll ausgesinn. Mee et duerf een awer bei dëser Diskussioun net vergiessen, dass mer och national Matsproochgremien hunn, dass mer Beruffschamberen hunn, an och Gremien, déi am Beräich vun der sozialer Sécherheet matbestëmmen.

Virop wëll ech e puer Iwwerleeungen ustellen iwwert d'Matbestëmmung iwwerhaapt.

Mer liewen an enger repräsentativer Demokratie, wou de Bierger säi Matbestëmmungsrecht kann u Persounen oder Gruppementer delegéieren. Dat fonctionnéiert am politesche Beräich, esouwuel um kommunale wéi um legislative Plang. An der Politik huet awer all Gewielten déiselwecht Rechter, ënner anerem och d'Recht, bei allen Décisioune kënnen derbäi ze sinn.

An och wa sech Majoritéite bilden, huet de Gewielten awer nach proportionell zu senger Repräsentation d'Recht, a verschiddenen décisive Gremien vertrueden ze sinn.

Am Beräich vun de Sozialwahlen, wou och de System vun der repräsentativer Demokratie soll fonctionnéieren, gesäit dat e bëssen anescht aus. Et ass wuel esou, dass de Salarié seng Vetrieder wielt, mee leider net all Gewielten déiselwecht Rechter hunn. E Gewielten, deen zum Beispill op der Lëscht vun enger sou genannter national repräsentativer Gewerkschaft, wéi dem OGB-L, dem LCGB oder der ALEBA gewielt gouf, huet méi Rechter, wéi een, dee bei enger anerer Gewerkschaft gewielt ginn ass.

Ech wëll elo hei net dem Gesetzesprojet iwwert d'national Repräsentativitéit virgräifen, deen elo kierzlech am Regierungsrot virgestallt ginn ass a wou mer de Projet deemnächst hei wäerte presentéiert kréien. Mee awer, wa mer schonn hei iwwert d'Matbestëmmung debattéieren, da solle mer déi repräsentativ Demokratie esou fonctionnéiere loossen, dass all Gewielten déiselwecht Rechter kritt.

D'Organisatiounsfräiheet duerf op kee Fall méi doduerch ageschränkt ginn, dass där enger oder anerer Organisatioun méi Rechter zougestane ginn, an domadder aner Organisatioune vu virof diskriminéiert sinn.

Déi vum Wieler ausgeschwate Proportionalitéit muss sech och effektiv an alle Beräicher vun der Matbestëmmung erëmspigelen. Et duerf net sinn, dass de Législateur fräi Wahlen ausschreift, an da bei der Verdeelung vun de Rechter Diskriminatioune fir deen een oder deen aneren an engem anere Gesetz festschreift.

Här President, d'Matbestëmmung, esou wéi mer se um betriiblechen Niveau kennen, huet vill Facetten. Déi verschidde Méiglechkeeten, déi et an deem Beräich gëtt, sinn an deem leschte Véierelsjorhonnert gewuess, an domadder awer och zum Deel oniwwersiichtlech ginn. Vun der Säit vun de Gewerkschafte gekuckt, gëtt et net Matbestëmmung genuch. Déi aner Säit géif am léifsten awer all Amëschung an d'Betriibswirtschaft ofschafen.

Dat stellt een dorunner fest, dass ëmmer méi versicht gëtt, d'Matbestëmmung ze blockéieren, sief et duerch d'Opspléckung vum Betrib a verschidden Unitéiten, oder och duerch den Outsourcing vu Betriibsunitéiten. Domadder soll verhënnert ginn, dass eventuell Personaldelegatiounen oder Comités mixtes kënnen agesat ginn.

D'Fro, déi sech also stellt, ass: Kann een duerch eng numeresch Neidefinéierung bei der Zesummesetzung vun de Matbestëmmungsgremien dëse Problem léisen? Kann een de Problem léisen, andeem ee scho Personaldelegatiounen a Betriber asetzt bei manner wéi 15 Beschäftegten, oder e Comité mixte scho bei manner wéi 150 Beschäftegte virschreift?

Ze iwwerleeë wier op jiddfer Fall, ob een net soll an all Betrib, dee méi wéi fënnef Leit beschäftegt, eng Vertriedung fir d'Salariat erméiglechen. Wichteg erschéngt mer och Iwwerleeungen unzestellen am Zesummenhang mat der numerescher Definitioun bei de Proporzwahlen.

Wier et net am Interesse vun enger kloerer Definitioun vun der nationaler Repräsentativitéit, wann ee bei den Ausschusswahlen nëmme méi nom Proporzwahlsystem géif operéieren? Dann hätt ee vum klengsten Niveau u schonn eng transparent Iwwersicht, wat fir enger Organisatioun de Wieler, de Salarié also, flächendeckend seng Präferenz ausschwätzt.

Här President, wichteg ass och, dass an all Betrib Chancëgläicheetsdelegéierten agesat ginn, fir och am Beräich vun de mënschleche Problemer eng effizient Vertriedung ze garantéieren. Wéi zum Beispill am Beräich vu Stress a Mobbing, wat elo an där leschter Zäit vill an der Diskussioun ass, wou et menger perséinlecher Usicht no méi sënnvoll wier, am Betrib de Problem iwwert de Wee vun engem psychologesch geschulten Delegéierten ze léisen, wéi eng stur Gesetzgebung anzeféieren, déi méi ka schueden, wéi se notzt. Och dem Delegéierte fir Sécherheet mussen zousätztlech Kompetenzen zougesprach ginn, verbonnen awer och hei mat där néideger Aus- a Weiderbildung.

Et ginn och Fuerderungen, dass an all Betrib, wou nom Proporzwahlsystem gewielt gëtt, dat heescht ab 100, anerer fuerderen ab 75 Beschäftegten, e Comité mixte misst fonctionnéieren, e Comité mixte, deem seng Matbestëmmung sech awer méi op de Sécherheets- a Gesondheetsberäich vun de Salariéë beschränkt, wéi op reng arbechtsrechtlech a betribswirtschaftlech Themen.

Här President, Matbestëmmung bis op dee klengsten Niveau auszedehnen ass noutwenneg, fir dem Salarié eng Méiglechkeet ze ginn, seng Interesse kënnen ze vertrieden.

Mer sollen eis hei och Gedanken driwwer maachen, welch nei Missounen een de Matbestëmmungsgremie soll zoukomme loossen. Do stellt sech virop emol d'Fro vun der Zuel vun de Matbestëmmungsgremien. Bleiwe mer um Wee, fir ëmmer méi Matbestëmmungsgremien ze schafen? Lafe mer domadder net d'Gefor, dass sech d'Kompetenze vun deenen eenzelne Gremien iwwerschneiden?

Dann hu mer wuel eng quantitativ Erweiderung vun der Matbestëmmung, wat awer net onbedingt gläichbedeitend muss si mat effizienter Matbestëmmung. Solle mer duerfir net éischter de Wee aschloe vu méi qualitativer Matbestëmmung, andeem mer all déi Gremien, déi méi oder wéineger déiselwecht Kompetenzen hunn, versichen ze cumuléieren?

Géif et net duergoen, wann an all Betrib een an alle Beräicher kompetent Instrument am Matbestëmmungsberäich géif fonctionnéieren? Ech denken do zum Beispill un d'Personaldelegatiounen, wou ech der Meenung sinn, dass an all Betrib eng misst sinn, oder zumindest eng kënnt sinn, an a klenge Betriber en Interlocuteur tëschent Salariat an Employeur kënnt agesat ginn.

Brauche mer effektiv nach Instrumenter, wéi e Comité mixte, deen, wann et gutt geet, dräimol am Joer zesummekënnt a praktesch déiselwecht Problemer behandelt wéi d'Personaldelegatiounen oder d'Zentraldelegatiounen? D'Delegéierte vum Comité mixte ginn och nach aus de Reie vun de Personaldelegéierte gewielt. Dat sinn dann och nach meeschtens déiselwecht Persounen, déi dann an deenen zwee anere Gremië sëtzen. Datselwecht spillt sech an den Zentraldelegatiounen of.

Wier et net méi sënnvoll d'Personaldelegatiounen opzewäerten, andeem een hinnen déi puer spezifesch Kompetenze vum Comité mixte och géif mat iwwerdroen? Dat sinn Iwwerleeungen, déi een och am Beräich vun enger Neidefinéierung vun der Matbestëmmung kënnt uschneiden.

Här President, dat géif awer enger substantieller Investitioun an d'Weiderbildung vun den Delegéierten bedürfen. E Mandat vun engem Delegéierten ass ëmmer nëmmen esou vill wäert wéi déi Persoun, déi et dréit.

Fir eng effizient Repräsentatioun vum Salarié kënnen ze garantéieren, geet et net méi duer, dass en Delegéierten en Idealist ass, mee e muss och substantiell Kenntnisser, esouwuel vum Sozial- an Arbechtsrecht, wéi och am Zesummenhang mat der Betriibswirtschaft hunn.

Duerfir gehéiert zu enger optimaler Matbestëmmung vum Salarié och eng zolidd Aus- a Weiderbildung vun den Delegéierten. Och d'Asetze vun de moderne Kommunikatiounsmëttele sinn am Beräich vun der Matbestëmmung vu grousser Wichtegkeet. De Salariatsvetrieder muss genau wéi säin Employeur kënnen op all nei Technologien am Informatiounsberäich zréckgräifen.

Här President, e Personaldelegéierten ass en Idealist an exposéiert sech ganz oft perséinlech am Interesse vu senge Mataarbechter. E riskéiert domadder ganz oft seng eege Carrière an esouguer heiansdo seng Kuuscht.

Well et an der Lescht, trotz engem gesetzleche Schutz géint Entloossungen, ëmmer nach virkënnt, dass géint Delegéierten eng Mise à pied ausgeschwat gëtt, ass et onbedingt noutwenneg, dass de Législateur de Schutz vun de Personaldelegéierten, awer och de Schutz vun de Sécherheetsdelegéierte weider ausbaut, an ouni Restriktiounen applizéiert, well mer soss Gefor lafen, dass mer net méi vill Leit fannen, déi de Courage hunn, sech als Personaldelegéierte bei de Wahlen opzesetzen.

De Personaldelegéierten an d'Personaldelegatioune sinn direkt a wichteg Interlocuteuren, fir de soziale Fridden ze garantéieren. De Wäert vum soziale Fridden ass onermiesslech an e gutt Betriibsklima kann dem Employeur och Benefisser bréngen. Ech sinn esouguer der Meenung, dass de soziale Fridden op der Bourse misst cotéiert ginn, well e fir d'Ekonomie vu grousser Bedeitung ass.

***(Interruption)***

Ech géif awer mengen, dass do Lëtzebuerg, mat deem soziale Fridden, dee mer hunn, awer ganz héich quotéiert wier, an eis Aktië wären déi Bescht, weltwäit gesinn.

Här President, wat d'Repräsentatioun an de Verwaltungsréit ubelaangt, sou ass eis mat der Megafusioun ARCELOR gewise ginn, wéi wéineg Afloss dass mer eigentlech op d'Ekonomie hunn. Domadder ass och bewise ginn, dass de Législateur, an net nëmmen deen nationalen, méi nach wéi virdru gefuerdert ass, fir d'Spillregele vun der Ekonomie kloer ze definéieren.

Dat erschreckend Beispill an der Belsch vun der Firma Renault zu Vilvoorde hätt eis am Fong scho missen erwächen an eis zu Ae féieren, dass mer national an europäesch eng zolidd Législatioun brauchen, fir dass och bei de Multiën d'Interesse vun de Salariéë garantéiert gëtt.

E Verwaltungsrot duerf net nëmmen en Informatiounsinstrument fir d'Salariatsdelegéierte sinn, well wa mer éierlech sinn, da wësse mer dass d'Salariat do nëmme mat engem Drëttel vertrueden ass. Et muss hinnen a kruzial wichtege Froen en effektiivt Matsproocherecht garantéiert ginn.

Här President, d'Matbestëmmung vum Salariat duerf sech natierlech net nëmmen op d'Betriber beschränken. Den nationale Sozialdialog ass hei am Land zu engem Instrument ginn, wat verschiddentlech seng Friichte gedroen huet.

Wat ech scho virop op betriiblecher Basis bemierkt hunn, gëllt awer och um nationale Plang, nämlech ze verhënneren, dass sech eenzel Gremien an hire Kompetenzen iwwerschneiden.

Mer hunn zum Beispill de Wirtschafts- a Sozialrot, a mer hunn d'Tripartite. Dës zwee Gremië sinn zum Deel vun deene selwechte Leit besat. Si bewege sech och an de Kompetenzen, meeschtens um selwechten Niveau, a beschäftege sech allen zwee och mat sozioekonomeschen Themen. De Koordinatiounskomitee vun der Tripartite ass am Fong als Kriseninstrument am Zesummenhang mat de Problemer um Aarbechtsmaart unzegesinn.

Do stellt sech d'Fro: Brauche mer elo, wou mer seit mindestens 15 Joer keng Kris méi haten, nach e permanent Kriseninstrument, wat sech zudeem och nach ëm Saache këmmert, déi eigentlech dem Parlament a senge Kommissiounen zoustinn?

Mer sinn als ADR op jiddfer Fall géint all ausserparlamentaresch Gremien, déi niewent de Parlamentskommissioune fonctionnéieren, wann net eng aussergewéinlech Situatioun sech astellt. De Wirtschafts- a Sozialrot kënnt also, menger Meenung no, ouni Problem déi Arbechte vun der Tripartite iwwerhuelen, an et wier och op jiddfer Fall méi Transparenz an deem Ganzen.

De Wirtschafts- a Sozialrot huet awer 36 Memberen, dovunner 13 Salariatsdelegéierten, 15 Patronaatsdelegéierten a siwen Delegéierten aus dem sozio-ekonomesche Beräich. Hei ass ze bemierken, dass d'Salariat mat 13 Delegéierte vis-à-vis vu 16 Delegéierte vum Patronat ënnerrepräsentéiert ass. En éischte Schrëtt a Richtung gläichberechtegt Matbestëmmung wier also, am Wirtschafts- a Sozialrot emol eng paritéitesch Besetzung ze garantéieren.

Här President, ech wëll awer och d'Beruffschamberen hei erwähnen, well ech och doranner e ganz wichtegt Matbestëmmungsinstrument gesinn. D'Wahle vun de Vertrieder vun de Beruffschambere mussen onbedingt opgewäert ginn.

D'Beruffschamberswahle fillen all fënnef Joer de Puls vum Salariat, a loossen och méi oder wéineger duerchblécken, wien d'Salariat als seng Vertrieder um nationale Plang wëllt.

Bedenklech ass awer dee klenge Prozentsaz vu Bedeelegung bei dëse wichtege Wahlen, an dat, obwuel d'Gewerkschaften e Maximum vun Efforte maachen, fir dës Bedeelegungsquot eropzesetzen, wat da fir mech onweigerlech d'Fro opwerft, op d'System vun der Bréifwahl, dat e Verméige kascht, dat richtegt ass.

Solle mer, wa mer schonn nei Iwwerleeungen iwwert d'Matbestëmmung ustellen, net och hei nei Weeër goen, andeem mer vun der Bréifwahl iwwerginn op Wahlen am Betrib, well jo souwisou am Betrib d'Ausschusswahlen zum selwechten Zäitpunkt stattfannen an domadder d'Infrastrukture jo schonn op der Plaz sinn?

Fir Betriber, déi zum Beispill ënner 20 Leit hunn, kënnten dës Wahlen an der Gemeng stattfannen, wou se établéiert sinn. De Salarié misst da just, genau wéi bei de Gemengen- a Chamberswahlen, natierlech déi Zäit, wou e wiele geet, fräigestallt ginn.

Net nëmmen d'Wahle si wichteg, mee och d'Fonctionnement an d'Kompetenz vun deenen eenzelne Chamberen.

**Une voix**.- Nëmme wann e richteg wielt!

***(Hilarité)***

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Nëmme wann e richteg wielt, selbstverständlech! E muss dat och optéieren.

D'Beruffschambere sinn als Parlament vum Salariat unzegesinn a sollten deementspriechend och respektéiert ginn, andeem se opgewäert ginn. De Salarié muss méi den Androck vermëttelt kréien, dass seng Interessei vis-à-vis vum Législateur optimal vertruede ginn. Awer och an dësem Beräich, dee jo niewent den allgemeng verbindleche Kollektivverträg sech meeschtens um legislativen Niveau ofspillt mat den Avisen, déi d'Beruffschambere mussen ofginn, muss den Delegéierten eng optimal Formatioun erméiglecht kréien. Nëmmen da kann ee vun enger effizienter Vertriedung vum Salariat oder vun deene Gruppen ausgoen, déi eng Beruffschamber nun ebe vertrëtt.

Här President, eng aner Matbestëmmung um soziale Plang sinn d'Krankekeesewahlen. Och hei sinn héich Käschten am Spill bei deene Wahlen an och hei soll ee sech iwwerleeën, well jo och dës Wahlen am selwechten Zäitraum stattfannen, ob mer net d'Salariéen am Betrib an déi aner all an de Gemengen solle wiele loossen. Och an dësem Beräich muss dem Assuré kloer gemaach ginn, dass hie sech soll massiv un de Wahle bedeelegen, fir dass d'Zesummesetzung vun deene soziale Matbestëmmungsgremien och wierklech repräsentativ ass.

Eng massiv Bedeelegung bei de Wahle kann och Ausschlag ginn op Décisiounen, déi vun de Krankekeese geholl ginn, am Zesummenhang mat der sozialer Ofsécherung, awer och am Zesummenhang mat den Décisiounen iwwert d'Participatioun vun den Assuréë bei dëser sozialer Ofsécherung.

Här President, d'Matbestëmmung ass an alle Beräicher en elementar wichtege Bestanddeel vun der Demokratie. D'Matbestëmmung förderen ass also eng Noutwennegkeet.

Den ADR schwätzt sech an deem Zesummenhang méi aus, fir an d'Richtung ze goe vun enger qualitativer Matbestëmmung. Dat heescht vläicht manner Matbestëmmungsgremien, mee dofir awer méi Effizienz iwwert de Wee vun der Formation continue, der optimaler Ofsécherung vun den Delegéierten, verbonne mat effektiver Bewegungsfräiheet, mat engem Informatiounsrecht, a wat méi wichteg ass, och mat engem effektiven Asproochrecht.

Här President, net nëmmen d'Employeuren, mee och de Législateur muss sech bewosst sinn, dass mat engem gutt strukturéierten an effiziente Matsproocherecht den Ursprong vum soziale Fridde geluegt gëtt. De soziale Fridden ass esouwuel fir eis Salariéen, mee och fir eis Ekonomie eppes Onersetzleches.

Dofir hoffen ech, dass bei allen Décisiounen, déi an dësem Zesummenhang an Zukunft hei getraff ginn, eng optimal Ofsécherung vun de Salariatsvertrieder realiséiert gëtt, dat awer onbedingt am Respekt vun der repräsentativer Demokratie.

Wat elo déi zwou Motiounen ubelaangt, esou wëll ech hei soen, dass et méi däitlech ass, a mir och méi kloer an däitlech ass, an dass ech déi dofir wëll ënnerstëtzen.

Ech soen Iech merci!

**M. le Président**.- Merci Här Jaerling. Den nächste Riedner ass den Här Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass schonn erstaunlech, datt et ëmmer nach Leit gëtt, Associatiounen, Gremien oder Institutiounen an eiser Gesellschaft, déi der Meenung sinn, datt d'Rechter vun de Salariéen an den Entreprisë misste verbessert, ausgebaut ginn, respektiv missten déi betreffend Législatiounen ëmgeännert ginn.

Et ass erstaunlech, wann een esou Avisen oder esou Saache liest - den Här Bettendorf huet ons der eng Rei hei virdrun zitéiert -, wann een all Dag immens virun d'Ae gehale kritt, wéi datt d'Ekonomie sech insgesamt an deene leschte 15 Joer verännert huet, datt am Zäitalter vun der Globaliséierung eng Konzentratioun u Kapital stattfonnt huet, déi onwahrscheinlech ass an déi wierklech eng Dynamik erreecht huet, déi virun 20 Joer nach kaum viraussehbar war.

Datt mer de Moment konfrontéiert si mat Fusiounen, net nëmme vun eenzelnen Entreprisen, mee vu ganzen ekonomesche Secteuren, datt et an Zwëschenzäit ekonomesch Secteure gëtt, wou mer quasi Monopolstellungen erreecht hu vu Megakonzerner weltwäit an datt et natierlech esou ass, datt déi Gesetzgebung, déi mer haut hunn, sief et d'Kollektivvertragsgesetzgebung, sief et awer och d'Gesetzgebung iwwert d'Représentation salariale, déi aus engem Industriezäitalter, oder déi déi opgebaut sinn op en Industriezäitalter vun der Nokrichszäit, déi réckwierkend hiren Ursprong fannen ufanks der 60er Joren, datt déi net méi adaptéiert sinn, fir der Komplexitéit vun der ekonomescher Realitéit vun haut Rechnung ze droen.

Wann een dann nach bedenkt, datt eng ganz Rei nei Erausfuerderungen an deene leschten 20 bis 25 Joer op d'Personaldelegatiounen zoukomm ass, als Stéchwuert eleng nëmmen d'Ëmweltproblematik, déi jo och net déi einfachst ass, wann een déi um betriblechen Niveau muss behandele mat alle Konsequenzen déi dat huet, dann ass et fir eis op alle Fall kloer, datt mir och hei zu Lëtzebuerg mussen an d'Richtung goen, fir d'Rechter vun de Salariéen an de Betriber ze iwwerdenken, net an engem Sënn, wéi dat vläicht eenzelner am Ausland wëlle maachen, oder haart driwwer nodenken, fir d'Rechter ofzebauen, méi éischter fir se auszedehnen, fir se ze verbesseren a se unzepassen un déi nei ekonomesch Realitéit, déi mer virfannen.

Et ass och esou, datt zënter enger Rei Jore schonn déi meescht grouss Gewerkschaften, haaptsächlech déi zwou grouss Gewerkschaften zu Lëtzebuerg, den OGB-L an och den LCGB, eng Reform vun den Droits syndicaux a vum Dialogue social verlaangen.

Et gëtt eng ganz Serie vu Resolutiounen, déi op verschiddenste Gewerkschaftskongresser ugeholl gi sinn, déi eigentlech ënnersträichen, a wat fir eng Richtung déi Reforme sollte goen. Den Här Lux huet haut och am Numm vun der LSAP, als éischte Riedner hei - et war jo och seng Fraktioun, déi deen Débat hei ugefrot huet - ,schonn eng ganz Rei Saachen ervirgestrach, déi ech dofir och net méi wëll widderhuelen, mat deenen ech mech kann averstane fillen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Ech wëll dofir haaptsächlech op sechs Punkten agoen. Dat sinn déi sechs Punkten, déi fir eis als Gréng déi wesentlechst sinn, niewent all deenen aneren, déi hien opgezielt huet, déi och an der Motioun dran enthale sinn, déi mir iwwregens kënne matstëmmen, a wou ech och der Meenung sinn, dass d'LSAP-Motioun méi konkret a méi präzis doran ass, fir direkt ze handelen, wéi et déi Motioun vun der Majoritéit,ass. Duerfir wëll ech mech och op déi sechs Punkte limitéieren, wou eiser Meenung no ee ganz dréngende Reformbedarf besteet.

D'Kollektivverträg, dat ass de wichtegste Bestanddeel vun der Sozialpolitik an de Betriber, mee och an der gesamter Ekonomie. Desöftere sinn a wichtege Secteuren an eisem Land, wou grouss Kollektivverträg ofgeschloss gi sinn, oft Virreiderkollektivverträg ofgeschloss ginn - dat war fréier an der Stolindustrie, haut ass et an anere Secteuren éischter de Fall -, déi d'Sozialpolitik hei am Land massgeblech mat beaflosst hunn a wou et och oft herno an d'Richtung gaangen ass, datt de Législateur - eigentlech nëmme wann a grousse Secteure Kollektivverträg ofgeschloss gi sinn -, just nach de leschten Tëppelchen op den i drop gesat huet, andeem zum Beispill, wann ech elo d'Aarbechtszäit wëllt eraushuelen, dann herno légiféréiert géif ginn um gesamtgesetzleche Plang, fir dass och virun allem déi Salariéë kéinte vu gudden Aarbechtskonditioune profitéieren, déi net esou vu gudde Kollektivverträg kënnen dreemen, an déi dann och an deem Mooss ofgeséchert sinn, wéi déi grouss ekonomesch Secteuren.

Dofir ass et kloer, datt och an Zukunft d'Kollektivvertragsverhandlungen dee wichtegste Bausteen sinn an enger gudder Sozialpolitik. Dofir mussen, fir dass déi Kollektivveträg nach uerdentlech an Zukunft kënnen oflafen, op verschiddene Punkte Verbesserunge virgeholl ginn.

Deen éischten, deen ech wëll uschneiden, awer nëmme just an engem Saz, dat ass deen natierlech, dass mer mussen eng genau Definitioun kréien an deenen nächste Méint iwwert d'Repräsentativitéit, wat national Repräsentativitéit ass. Ech wëll haut net méi op deen Aspekt agoen, well mir haten dat schonn eng Kéier hei gemaach am Kader vun enger Debatt a mir kréien och nach Geleeënheet dozou, mee dat ass awer natierlech zu Lëtzebuerg, angesichts där, géing ech soen, enorm opgesplitterter Gewerkschaftszeen, déi mir hei am Land hunn, keng einfach Aufgab. Ech hoffen op alle Fall, dass déi Léisung, déi erauskënnt, net dozou féiert, dass déi Zersplitterung, déi mir hei am Land kennen, nach verschlëmmert gëtt.

Deen zweete Punkt: De Champ d'application muss nei definéiert ginn, virun allem och am Kontext vun der nationaler Ekonomie am europäesche Kontext. Virun allem gesinn ech do dee ganze Volet, an zwar dass duerch ëmmer méi étofféiert Gesetzgebungen, déi eis et och erlaben an Zukunft Kollektivveträg op europäeschem Niveau ofzeschléissen, wouduerch natierlech eng ganz nei Dynamik erakënnt, misste mer awer kucke mussen um Niveau vun dem Champ d'application vun eiser Kollektivvertragsgesetzgebung an och vun den Droits syndicaux, fir nei ze definéieren en fonction vun deem, wat do op eis zoukënnt.

An dann een drëtte Punkt - en ass och scho vu ville Riedner ugeschwat ginn -, ee ganz wichtegen, d'Rechter vun den Delegéierten am Betrib a virun allem och de Schutz vun deenen, déi d'Kollektivverträg verhandelen. Mir hunn an deene leschte Joren des Öftere kënne feststellen, dass zum Beispill och am Bankesecteur d'Rechter an de Schutz vun den Delegéierte mat Féiss getrëppelt gi sinn, an dat zolidd. Et ass souguer eng Kéier esou wäit gaangen an enger Bank, dass rücksichtslos Delegéierten entlooss gi sinn. Alles dat beleet eis, dass do en dréngenden Handlungsbedarf ass a mer kucke mussen, fir do de Schutz an d'Rechter auszebauen.

Mer mussen awer, angesichts dem Fait dass et ëmmer méi komplizéiert an ëmmer méi komplex gëtt, fir mat de Betriber ze négociéieren, dass de Congé syndical erweidert gëtt, dass d'Fräistellungsméiglechkeete fir d'Leit erweidert ginn; dass den Accès vun de mandatéierte Vertrieder vun de Gewerkschaften, déi eng wichteg Roll spille beim Bäistand vun den Delegéierten an den Entreprisen, dat heescht déi haaptamtlech Vertrieder vun den nationale repräsentative Gewerkschaften, also dass déi en Accès kréien an d'Betriber, Accès, deen natierlech eng geregelt Form muss kréien. Dat muss dach kënne méiglech sinn!

Doriwwer eraus stellt sech eng Fro fir d'Zukunft: Vu que dass et ëmmer méi komplex a komplizéiert gëtt, mengen ech och, dass d'Delegéierten an den Entreprisë mussen d'Moyene kréien, fir kënnen extern Consultanten erunzéien. Si musse selwer och mol Studien an Optrag ginn, dat heescht si musse finanziell Moyene kréien, fir kënne Studien ufäerdegen ze loossen. Dat ass enorm wichteg, wa mer gären hätten, dass déi Leit, déi an de Betriber solle Kollektivverträg verhandelen, och minimal op d'mannst op deem selwechten Niveau vun Know-how sinn, wéi déi Leit mat deene se do verhandelen.

Ee leschte Punkt, deen dozou gehéiert, dat ass natierlech den Accès zu der Informatioun am Betrib, zemools an esou Megakonzerner, wou een net méi esou richteg weess, wien do d'Soen huet, ass dat immens wichteg.

Véierte Punkt ass, dass mer eng verdéift Reform musse maache vum Office national de la conciliation. Et muss eng Instanz ginn, déi an Zukunft ganz kloer arbitréiert bei Litigen en rapport mat alle legalen a réglementairen Dispositiounen, déi am Zesummenhang sti mat de Personaldelegatiounen oder de Comités mixtes d'entreprises. An deem Sënn muss virun allem, eiser Meenung no, eng Verstäerkung an eng Professionaliséierung komme vun deem Organ, dat heescht et muss ee Sekretariat kréien, wat uerdentlech ausstaffféiert ass. D'Présidence muss nei organiséiert ginn an och d'Zesummesetzung, sougutt op Patronatssäit wéi op Gewerkschaftssäit, muss iwwerduecht ginn am Sënn vun enger Professionaliséierung.

Fënnefte Punkt ass, dass mir ganz kloer en Ausbau an eng Moderniséierung vun dem Delegatiounsgesetz brauchen. Mer mussen éischtens iwwert dat nodenken, wat den Här Lux och scho virdrun explizéiert huet, iwwert dat wat ee Groupe d'entreprises ass an an Zukunft soll sinn. Fir déi Definitioun kéint ee sech ulehnen un der Direktiv iwwert de Comité d'entreprises européennes, mä virun allem muss een awer och doriwwer nodenken, fir ee ganze Pak Reformen ze maachen, fir d'Haaptdelegatiounen an de Betriber besser ze ënnerstëtzen, fir hinne méi Moyenen ze ginn. Mir mussen och doriwwer nodenken, ob een net de Seuil soll erofsetzen, wéini een iwwerhaapt muss eng Delegatioun an engem Betrib forméieren. Den OGB-L huet an enger Resolutioun gesot, ab zéng Salariéen. Ech mengen dat sinn Zuelen iwwert déi ee kann diskutéieren. Sécherlech ass de Seuil, wéi en am Moment ass, ze héich.

Vu que datt mer entre-temps natierlech eng immens Opsplitterung hu vun den Aarbechtszäiten an den Entreprise bei der Règle discriminatoire, déi am Moment besteet, wou nëmme mussen déi Poste gezielt ginn, wou mindestens 16 Stonne geschafft gëtt, dat heescht, alles, wat ënnert 16 Stonne geschafft gëtt, gëtt iwwerhaapt net gezielt beim Berechne vum Personalstaff, fir d'Berechnung wéini eng Delegatioun geschafe misst ginn. Och dat misst een iwwerdenke wann ee weess, dass een an der Zwëschenzäit bei där Flexibilitéit, déi mer bei den Entreprisen hunn, ëmmer méi Leit huet, déi zwou, dräi Aarbechten hunn - op enger Aarbecht 20 Stonne schaffen, op enger anerer 16, op enger drëtter 14 Stonnen -, wat natierlech dozou féiert, datt dat e wichtege Facteur gëtt, wann et drëms geet ze definéieren, ab wéivill Salariéen een zum Beispill muss eng Delegatioun aféieren.

Da mussen natierlech och, eiser Meenung no, d'Contrats à durée déterminée mat abezu ginn, well mir gesinn, datt d'Zuel vun de Contrats à durée déterminée natierlech massiv zouhëlt an deem dote Kontext, dofir muss och do eng Regelung agefouert ginn.

Dann ee ganz wichtege Punkt, dat ass d'Kommunikatioun innerhalb vun der Entreprise. Dat kritt haut natierlech och eng besonnesch Bedeitung mat deenen neie Kommunikatiounsmëttelen, déi mer zur Verfügung hunn. Dat sinn alles Kommunikatiounsmëttelen, déi sech dërmoosse rasant an deene leschte Joren entwéckelt hunn a wou immens vill Konfliktpotential de Moment an den Entreprisen ass driwwer, wat haut en Delegéierten däerf benotzen, fir Informatioune weiderzeleeden oder och net.

Ech mengen et ass ganz kloer, dat musse mer nei definéieren an och virun allem den Delegéierten nei Rechter ginn. Schlussendlech musse mer och eng Revalorisatioun kréie vun den Zentraldelegatiounen op Betribsniveau. Mir wëssen, dass mir haut eng immens Filialiséierung hu vun Entreprisen, dat heescht, wou einfach carrément Entreprisen opgespléckt ginn a fënnef Verschiddener an einfach dobausse gemaach gëtt, wéi wann déi fënnef mateneen näischt ze dinn hätten. Am Endeffekt hu si awer natierlech eppes mateneen ze dinn, wat dann natierlech dozou féiert, dass et ganz schwéier gëtt Kollektivvertragsverhandlungen ze féieren.

An deem Kontext ass et kloer, dass d'Zentraldelegatiounen een neie Rôle musse spillen. Hire Rôle muss ganz staark revaloriséiert

ginn, och wat hir Rechter ubelaangt. Éischter musse mir an d'Richtung goen, fir deenen hir Rechter auszebauen, genau sou wéi bei den normalen Delegatiounen an de Betriber.

Dee sechste Punkt ass, datt mer natierlech mussen eng Reform virhuele vun der Législatioun iwwert de Comité mixte a virun allem och iwwert de Conseil d'administration. Ech hunn déi Dynamik ernimmt, déi mer an der Ekonomie de Moment kennen a wat sech do un neien Entreprisë geschafen huet. Do muss ganz kloer d'Législatioun iwwert de Comité mixte an de Conseil d'administratioun eng aner Nues an Zukunft kréien, wéi dat haut de Fall ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng sinn der Meenung, datt eng gutt sozial Gesetzgebung an e gutt Matsproocherecht vun de Gewerkschaften an de Betriber e wichtege Faktor ass fir de sozialen Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft. A wann ech soen e wichtegt Argument fir de sozialen Zesummenhalt, dann ass et och e wichtege Stellewäert fir de gesellschaftlechen Zesummenhalt insgesamt.

Leider ass dat an deene leschte Joren oft an eiser sougenannter Spaassgesellschaft an de Vergiess geroden. Et ass kaum an der Zwëschenzäit de Leit dobaussen nach bewosst, wou hier 30 Deeg oder 25 Deeg Congé hierkommen, déi automatesch Lounupassungen un den Index hierkommen, an esou weider, datt dat alles net vum Himmel gefall komm ass, mee datt dat alles resultéiert aus Jorzéngte laange Sozialkämpf, déi gefouert gi si vun de Gewerkschaften.

Ech mengen datt et wichteg ass, datt mer awer der Spaassgesellschaft erëm eng Kéier erklären, datt, wann et esou weider geet a mer d'Rechter vun de Betribsdelegatiounen an de Gewerkschaften insgesamt an de Betriber weider ënnerhielegen a se net upassen un eis modern Ekonomie, et da mat der Spaassgesellschaft ganz schnell wäert eriwwer sinn, a wann d'Gewerkschaftsrechter net gestäerkt ginn, mer an eng Situatioun kommen, wou net nëmmen den demokrateschen Zesummenhalt vun eiser ekonomescher Gesellschaft, mee den Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft insgesamt a Fro gestallt ass.

An deem Kontext ass et fir eis och kloer, datt mir ganz genau, och wéi et an der Motioun vun der LSAP festgehalen ass, staark mat Demandeur sinn, fir d'Rechter vun de Salariéen an deem Sënn ze stäerken.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech emol direkt vu vir eran entschëllegen dofir, dass ech elo net am Detail aginn op déi Debatt, déi elo op der Dagesuerdnung steet. Ech muss zouginn, dass ech mech déi lescht Deeg zimlech intensiv befaasst hu mat deem Gesetz iwwert d'Repérages téléphoniques a mat deem ganze Volet Droits de l'Homme an demokratesch Fräiheeten, dee mat deem Gesetz verbonnen ass. Ech mengen, dat ass e Volet, deen och misst d'Gewerkschaften interesséieren, deen och misst d'Salariéen interesséieren am Allgemengen, well dat jo och wichteg ass bei hirem alldeeglechen Asaz fir hir Rechter, fir dass se do och déi néideg demokratesch Fräiheeten hunn, fir sech kënnen ze artikuléieren.

Et gëtt zum Beispill an der Motioun vun der LSAP virgeschloen, dass misst en " droit à l'information et à la communication " an de Betriber bestoen, an dass do och all " moyens de communication technique et électronique disponibles au sein de l'entreprise " misste benotzt kënne ginn, ouni déi Entraven, déi mer jo alleguerte kennen aus der Press, wéi dat a verschiddene Secteure gehandhaabt gëtt. Ech fannen, dat sinn och Saachen, déi mussen an d'Aarbechtsgesetz erakommen. Ganz staark muss deen Aspekt an den Aarbechtsgesetzer verankert ginn.

Ech hat déi Diskussioun mam Minister, wéi mer hei am Juli iwwert den Dateschutz geschwat hunn, wou ech gesot hunn, grad déi Froen, vun zum Beispill Teleiwwerwaachung op der Aarbechtsplaz oder d'Rechter, d'konkret Rechter, déi d'Leit missten hunn, fir sech ze artikuléieren, déi missten an d'Aarbechtsgesetz selwer erakommen. Dat ass eng wichteg Fuerderung, déi hei gestallt gëtt.

Ech hat bei enger Ried gesot, dass et mer schéngt, wéi wann d'wirtschaftlech Selbstbestëmmung a Matbestëmmung vun de Salariéen, an dat si jo awer ëmmerhin déi Leit, déi iwwer 90% vun der Bevölkerung hei am Land duerstellen, esou kleng sinn, wéi d'politesch Matbestëmmung vun de Leit deemools a Frankräich ënnert dem Sonnekinnek. Si sinn net vill méi héich. Ech mengen dat ass den eigentleche Problem, dee sech stellt.

Den eigentleche Problem, dat ass den Här- a Meeschterstandpunkt, deen nach ëmmer an de Betriber verteidegt gëtt, wou et vornehm ausgedréckt heescht, datt den „droit de l'employeur d'organiser son entreprise“ de Grondprinzip ass, deen am Aarbechtsrecht nach ëmmer gëllt. D'Géigegewiichter, déi et do derzou gëtt, iwwert déi si mer jo de Moment amgaang ze diskutéieren. Et sinn der leider net genuch, och d'Inspection du Travail et des Mines, wou hei jo gefuerdert gëtt, dass déi misst reforméiert ginn, déi huet wéineg Rechter a wéineg Personal, fir déi Rechter duerchzesetzen.

Et gëtt och keen Untersuchungsriichter, deen enquêtéiere géif, Repérage téléphonique oder Ecoute téléphonique géif maachen, fir d'Abüe vun de Patronen emol eng Kéier festzestellen. Ech hunn nach ni vun esou engem Fall héieren, mir hu jo virdru vu Repérage téléphonique geschwat. Duerfir wëll ech hei grondsätzlech soen, dass ech all déi wäitgehenst Virschléi ënnerstëtzen, souwuel op nationalem wéi och op europäeschem an op internationalem Plang op deene verschiddenste Gebitter, déi de Salariéen hir Rechter garantéieren an ausbauen. Esou och am Aarbechtsrecht.

Et gëtt hei an der Motioun vun der LSAP - wou ech wëll soen, dass ech se prinzipiell gutt fannen an ënnerstëtzen - geschwat vun der „protection des délégués du personnel“. Ech weess jo, dass mer hei an der Debatt sinn iwwert d'Délégués du personnel, mä ech fannen do wier esou en Zousaz wéi „protection du personnel et des délégués du personnel“ net falsch op der Plaz. Well ech mengen, et geet och dorëmmer, wat fir Rechter d'Leit op der Aarbechtsplaz selwer hunn, well grad do geschéie jo awer déi meeschte mëssbräichlech Kënnegungen. D'Déléguéen hu jo e gewësse Schutz, dee wuel nach net duergeet, mee ëmmerhin hu se deen awer.

Bei de Conventions collectives gëtt et vill ze soen. Et géif och vill ze soe ginn allgemeng, an dat huet näischt mat Sozialrecht oder Aarbechtsrecht ze dinn, wat d'Garantéierung vum Wahlrecht vun deenen auslännesche Matbierger ugeet, déi mir bei eis hunn. Ech mengen, dat ass e grousse Problem vu politescher Légitimitéit, och vun eisen demokrateschen Institutiounen. E groussen Deel, grad vun de Salariéen, ass dovunner ausgeschloss. Iwwerhaapt fannen ech, dass d'Demokratie déi alles bestëmmend Fro ass an alle Gebitter. Et geet drëm, méi Demokratie duerchzesetzen.

Sécher konnt am Modell Lëtzebuerg, mä wat heescht de Modell Lëtzebuerg? Dat heescht am Fong geholl, dass d'Patronen an d'Aarbechter matenee schwätzen, dass d'Aarbechter och Rechter hunn, fir dat kënnen ze maachen. Dorëm geet et jo am Fong geholl. Sécher konnt an deem Modell Lëtzebuerg munches u sozialem Schutz an där leschter Zäit erreecht ginn, awer en hat och ëmmer zum Zil, fir dee wirtschaftlechen Ëmbroch ze begleeden, dee gläichzäiteg, virun allem am Süde vum Land geschitt ass. A wéi den Avenir bis an der Zukunft luch, an dat ass d'Gegenwart, elo gëtt Drock ausgeübt vun de Patronen, fir d'Rad vun der Geschicht zréckzedréinen. Um Spill steet de Statut vum Salariat, d'Stellung vum Salariat, vun där gréisster sozialer Schicht an eiser Gesellschaft. Dat ass e Statut, deen erkämpft ginn ass, deen ass net geschenkt ginn.

De Sozialdialog, deen hei an enger anerer Motioun beschwuer gëtt, huet och net vun Ufank u bestanen. Fir d'éischt ass emol an de Betriber gekämpft ginn. An ech mengen och, dass et elo erëm un der Zäit ass, fir, wann et noutwenneg ass, mat der Fauscht op den Dësch ze haen, fir virun allem och kloer Fuerderungen ze stellen an tëschent de Gewerkschaften zesummen ze schaffen, well d'Patronen, dat wësse mer jo alleguer, déi schaffen och zesummen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Dir Dammen, Dir Hären, den Här Aarbechtsminister François Biltgen huet d'Wuert.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll fir d'éischt der Chamber merci soe fir déi Debatt, déi mer hei gefouert hunn, déi mer hëllefe kann, fir e wesentleche Punkt vun der Regierungserklärung ëmzesetzen, eng Debatt, déi jo op Ufro vum Här Lux zustane koum. Ech wëll och alle Riedner, déi hei Stellung geholl hunn, merci soen, well et eng propper, oppen Debatt war, wou natierlech Nuancen erauskomm sinn. Dat ass esou. Déi wäerte mer, wa mer d'Gesetz ausschaffen - esou einfach ass dat Gesetz net auszeschaffen -, nach all erëmfannen.

Ech sinn awer frou, dass sech hei esou e breede Konsens erausgeschielt huet fir eng ganz Partie vu Saachen. Dat wäert wierklech och meng Iwwerleeungen an Zukunft vereinfachen. Ech zéien eppes eraus, wat de Marcel Glesener gefuerdert huet, dass wann ech bis en Avant-projet hunn, deen net direkt déposéieren, mee e virdru mat de Sozialpartner duerchdiskutéieren. Ech wäert hei net onbedéngt Aktivismus maachen.

Et ass jo hei gefrot ginn, wéini dass e kënnt, deen Avant-projet a woufir mer nach net esou wäit sinn. Dozou wëll ech ganz däitlech soen, dass een och als Minister muss Prioritéite fixéieren, wann een e klenge Staff huet vu Leit. An deene leschte Méint war dat doudsécher d'Kollektivvertragsgesetz. Ech hu selwer gesot, ech waarden déi Directive "information et consultation" of, well dat mat ee vun deene wesentlechste Punkte gëtt a fir mech e Kärstéck ass vun deem, wat mer hei wëllen an Zukunft maachen. De Lucien Lux huet drop higewisen, dass ech dat gesot hat.

Ech wëll awer och drop hiweisen, dass ech net wollt elo scho mat de Sozialpartner am Detail iwwer eppes schwätzen, wou mer déi Debatt hei sollten hunn. Ech mengen, dass et scho richteg ass, dass déi Debatt fir d'éischt war an d'Chamber mer eng Rumm fixéiert, déi nach mat Liewen auszefëllen ass.

Wéi gesot, mer wäerten nach genuch iwwert Detailer streiden, mee dat maache mir haut net. Ech si frou dass sech e Konsens erausgeschielt huet, dee mer d'Saach bestëmmt an den Diskussioune mat de Sozialpartner méi einfach mécht. Déi Leit, déi elo scho mengen, ech géif net mat eppes kommen, sollte sech täuschen. Ech hunn nach an deene leschte Wochen dauernd misse liesen, d'Kollektivvertragsgesetz géif dach ni kommen. Ech hu souguer misse liesen an héieren, d'Koalitioun géif iwwert dem Kollektivvertragsgesetz auserneefalen. Déi ass net iwwert dem Kollektivvertragsgesetzprojet auserneе gefall, an déi wäert och net iwwert dësem Projet auserneefalen.

Ech mengen, dass mer an dëser Koalitioun, esou vill sozial Progrèse gemaach hu wéi scho laang net méi. D'Horescasgesetz, an dat hutt Der jo schonn héiere vum Lucien Lux, dat stoung dës Kéier net an der Regierungserklärung. Mer hunn et awer an dëser Koalitioun bruecht.

***(Interruptions)***

Ech hunn och gutt Hoffnung, dass dat Gesetz kann 2003 a Kraaft trieden, sou dass Der do sollt emol mir all vertrauen, dass ech et hei deponéieren an dass et och kënnt.

De Sozialdialog ass d'Ophängeschëld vun der Debatt vun haut, an ech wëll drop hiweisen, dass de Sozialdialog eppes ass, wat een net einfach esou soll an de Mond huelen, ouni nozedenke wat dat bedeit. Sozialdialog bedeit sozialе Fridden. Sozialdialog bedeit awer och Subsidiaritéit. Dat bedeit, dass net de Gesetzgeber alles bis an de leschten Detail regelt, weder den internationalen, nach den europäeschen, nach den nationale Gesetzgeber, mee dass een de Partner eng wäitgehend Spillwiss iwwerléisst, eng wäitgehend Rumm gëtt, fir déi Problemer, déi se hunn, gemeinsam ze léisen.

Dat ass eng wierklech ordnungspolitesch Ausso, wann ee seet, mir si fir de Sozialdialog. Haut ass et ëmsou méi wichteg, fir de Sozialdialog ze sinn, an enger Welt, wou besonnesch den nationale Gesetzgeber ëmmer manner Latitude huet, fir alles am Detail ze regelen. Mir hunn einfach haut duebel esou vill Betriber am Land, wéi nach virun zéng Joer. An déi Betriber hunn och all verschidden Zorte vu Betribssystemer, vun Aarbechtsproduktiounssystemer, sou dass de Sozialdialog wierklech ëmmer méi wichteg gëtt, fir déi alldeeglech Problemer am Betrib ze léisen.

Dofir muss de Sozialdialog op allen Niveaue kënnen och an Zukunft verstäerkt an och verbessert ginn. Ech gesinn e virun allem op dräi Niveauen.

Fir d'éischt, an ech fänken ganz uewen un, dat ass de Sozialdialog op nationalem Niveau, tëschent de Sozialpartner engersäits an dem Stat anerersäits. Do hu mer zwee Organer, dat eent ass de Wirtschafs- a Sozialrot, dat anert ass d'Tripartite. Wat do d'Opdeelung e bësse vun deenen zwee Organer ubelaangt, huet den Niki Bettendorf hei länger Ausféierunge gemaach, déi ech bal all kann ënnerstëtzen. Ech mengen déi Virschléi, déi hie gemaach huet, si ganz konstruktiv. Mer wäerten och do, opgrond vum Wirtschafts- a Sozialrot sengen Ausféierungen, erëm eng Kéier op déi Diskussioun zréckkommen, sou dass ech elo net weider drop aginn.

Zweetens, de Sozialdialog tëschent de Sozialpartner op nationalem Niveau. Dee Sozialdialog gëtt et elo nach net, - de Serge Urbany huet geschwat vum Dateschutz - mee an der Belsch besteet d'Méiglechkeet, dass d'Sozialpartner ee national flächeniwwergräifende Kollektivvertrag ofschléissen. Well an der Belsch ass de Contrôle, deen de Patron mécht iwwert d'Surveillance op der Aarbechtsplaz an och iwwert d'privat E-Mailen an esou weider, vun de Sozialpartner iwwer een nationale Kollektivvertrag regléiert. Déi Méiglechkeet hu mir zurzäit nach net zu Lëtzebuerg.

An deem Projet iwwert de Kollektivvertrag, deen ech deemnächst hei däerf deponéieren, an och offiziell a menger Pressekonferenz virstellen an deenen nächsten Deeg a Wochen, hunn ech ënner anerem virgesinn, dass d'Sozialpartner d'Méiglechkeet kréien, fir Accords interprofessionnels ofzeschléissen. Ech denken un e konkret Beispill, dat ass d'Teleaarbecht. Bei der Teleaarbecht si sech d'europäesch Sozialpartner eens ginn. Elo soll dat zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn.

Do stellt sech d'Fro: Maache mer e Gesetz oder solle mer net och do soen, d'Sozialpartner sollen dat ënnert sech ausmaachen? Wa mer dat soen, musse mer hinnen och en Instrument ginn. Natierlech stellt sech bei engem Instrument och d'Fro: Wéi ass d'Zesummespill tëschent sou engem Instrument mat engem Gesetz, respektiv wat ass do d'Roll eventuell vun der Chamber, vun der Regierung? Dat ass e wichtege Punkt an deem Kollektivvertragsgesetz.

Ech sinn op alle Fall der Meenung, dass mer dat ausdiskutéiere mussen. Et wäert och net ëmmer einfach ginn - iwwert dat Verfassungsrechtlecht sinn ech mer bewosst -, mee ech mengen, et wär gutt, wa mir eis géifen dozou verleede loossen, fir de Sozialpartner esou een Instrument ze ginn, ëmsou méi wou d'Sozialpartner dat Instrument op europäeschem Plang hunn. A wann ee gär Sozialdialog um europäeschen Niveau mat deem um nationalen Niveau verzahnt, da muss ee kucken, dass een och esou en Instrument schaaft. Wéi gesot, iwwert dat Instrument wäerte mer am Kader vun der Kollektivvertragsreform diskutéieren.

Da kommen ech op den eigentleche Sujet vun haut, dat ass de sozialen Dialog an de Betriber. Do ginn et och verschidden Niveauen. Do gëtt et virun allem d'Kollektivvertragsgesetz. De François Bausch huet geschwat vun dem Office national de conciliation. Dee Projet de loi iwwert d'Kollektivvertragsgesetz, deen huet e ganz grousst Kapitel doriwwer. E Wuert just nëmmen iwwert den Office national de conciliation, vun deem ech der Meenung sinn, dass en zum Beispill an Zukunft net nëmme soll iwwert d'Streidereien diskutéieren, déi mer hunn am Kader vun engem Kollektivvertrag, mee dass dee soll Kompetenze kréien, fir an all Litige bei engem Kollektivvertrag ze intervenéieren, wou juristesch Problemer kommen.

D'Patronat ass bestëmmt net frou driwwer, huet et mer scho matgedeelt, an et sinn och juristesch Froen do, mee ech mengen, et soll een op d'mannst driwwer diskutéieren. Ech soen et och hei, ech si mer absolut bewosst, dass dee Projet de loi iwwert d'Kollektivvertragsgesetz bestëmmt net aus der Chamber esou erausgeet, wéi en hei erakënnt, an dat ass jo och richteg esou, soss bräichte mer keng Chamber fir esou wichteg Froen ze diskutéieren. Mee ech mengen, et ass awer d'Méi wäert, dass een, och wann ee wëllt Reforme maachen, net nëmmen de Minimum mécht, mee dass ee versicht qualitativ Spréng ze maachen. Wann ee se net erreecht, dann erreecht ee se net, mee wann een net versicht se ze erreechen, dann erreecht ee se bestëmmt net.

An deem Projet de loi wäert ech versichen dat ze maachen, an ech sinn iwwerzeegt, dass mer do ganz spannend, net ëmmer einfach, mee flott Diskussiounen och mat Iech hei an der Chamber, virun allem mam Marcel Glesener senger Kommissioun, wäerte kréien.

Nom Kollektivvertrag hu mer dann natierlech d'Matbestëmmung. Dann hu mer d'Comités mixtes a mir hunn d'Delegatiounen. Et ass haut ganz vill am Detail geschwat ginn, sou dass ech net méi wëllt op alles agoen, awer just e puer Grondiwwerleeunge maachen.

Ech ginn dem Marcel Glesener absolut Recht, dass déi qualitativ Verbesserung vum Dialog méi wichteg ass wéi déi quantitativ. Den Aly Jaerling huet dat och gesot. Dat ass einfach wichteg. Dofir soen ech Iech och, dass ech bereet sinn iwwert den Abaissement vu Seuilen nozedenken. Ech soen awer och, dass dat fir mech net den Haaptpunkt ass. Dat wär natierlech am einfachsten, ech brauch nëmmen iwwerall erofzezéien, an da ka jidderee soen, ech hätt eng grouss Reform gemaach.

Bei den Delegatiounen kënne mer zum Beispill vu 15 erofgoen op zéng. Ech soen Iech awer, ech wär frou, wa mer an all deene Betriber, wou mer 15 Leit hunn, iwwerall en Delegéierten op d'mannst hätten, a wann deen Delegéierten net nëmmen um Pabeier géif stoen, mee wann deen Delegéierten och senger Roll kéint gerecht ginn. An dat ass dat, wat ech soen, mir brauchen e qualitativen Dialog. Ech hu selwer schonn d'Reflexioun ugefaangen iwwert d'Seuilen, och schonn an der Öffentlechkeet. Ech wäert déi Debatt féieren, mee ech soen Iech, ech leeë wäert op dat Qualitatiivt. Do si Saachen, déi haut gesot ginn, déi ech nëmme kann ënnerschreiwen. Dat ass d'Formatioun, ech denken un d'Délégués à l'égalité, wat e puermol gesot ginn ass. Déi hu mir d'lescht Kéier agesat, ech hunn der och begéint vun deenen. Do sinn der, déi si frustréiert, well se soen: "Ech sinn do, ech wëll eng Roll spillen, an ech weess iwwerhaapt net, wéi ech se ka spillen."

Ech wëll awer, dass och no den nächste Sozialwahlen an de Betriber Leit kommen, déi nach eng Kéier bereet sinn déi Roll ze iwwerhuelen, a besonnesch bei deenen, an net nëmme bei deenemusse mer iwwert d'Formatioun nodenken. Bei de Sécherheetsdelegéierten hu mer eng Base légale. Ech hunn och Reglementer nach ëmmer um Instanzewee, fir dat ze maachen. D'Délégués à l'égalité hu mer geschafen, ouni eis all Gedanken ze maachen, wéi déi kéinten hirer Roll gerecht ginn. Dat wëll ech versiche mat Iech zesummen an deem neie Gesetz ze maachen.

Dann eppes, wou hei Iwwereneestëmmung ass, dat ass, dass mer déi nei Technologië besser sollen asetzen, virun allem wat d'Kommunikatioun vun den Delegéierte mat de Salariéen ubelaangt. Dat ass och qualitativ Verbesserung, dass een den Dialog net nëmmen tëschent den Delegéierte mam Patronat, mee och tëschent den Delegéierten an hire Kolleegen op der Aarbechtsplaz verstäerkt. Déi nei Technologië kënnen do a ville Betriber, net an allen, ganz vill hëllefen. Do gëtt et ganz flott Beispiller am Ausland, wéi dat geet, ouni dass de Betrib dorënner leit, a wéi dat zesumme mam Betrib ka gemaach ginn. Dann nei Aufgaben, Mobbing ginn ech net weider drop an, do wäerte mer doudsécher nach eng Kéier drop zréckkommen.

Et ass och hei gefuerdert ginn, an dat ass och eng qualitativ Fuerderung, de juristesche Schutz géint Kënnegung ze verbesseren, wou ech absolut mat Iech eens sinn. Dat eenzegt ass, et huet bis elo nach kee mer d'Léisung bruecht, wéi een dat ka konkret maachen. Dat ass ee vun de Punkten, wou ech wierklech zur Zäit Iech net kann e Virschlag maachen.

Ech hunn och selwer a mengem fréiere Liewen Affairë plädéiert, fir dass ech selwer genuch iwwerzeegt sinn, dass dat Gesetz, wat mer elo hunn, kann ënnerhielegt ginn, an dass mir eis musse Gedanke maachen, wéi een dat verbessert. Mee et huet bis elo nach kee mer d'Alternativ gewisen. Mir denken awer iwwert déi Alternativ no.

Dann déi zweet grouss Grondiwwerleeung, dat ass den Agencement tëschent deene verschiddenen Ebene vun Dialog. Ier dass mer iwwer Seuile schwätzen, solle mer kucken: Wat gëtt an der Cogestioun, an der Matbestëmmung diskutéiert, wat gëtt am Comité mixte diskutéiert, wat gëtt an der Delegatioun diskutéiert a wat gëtt gesot zu der Direktiv iwwer Informatioun a Consultatioun vun den Arbeitnehmer, déi mer ëmsetze mussen. Do musse mer eis emol Gedanke maachen, ob déi bei den Delegatiounen unzesetzen ass oder bei de Comités mixtes. Mer musse kucken, wéi wäit mer dat net schonn an de Gesetzer hunn? Also dat ass nach net definitiv ausgeräift. Mer musse kucken, dass mer herno en Agencement hunn, dass mer keng Iwwerschneidungen hunn. Well et huet kee Wäert, dass mer esou vill Organer niefteneen hunn, an déi hunn all déiselwecht Aufgab. Et muss ee soen, dat eent Organ huet déi Aufgab, dat anert Organ huet déi aner Aufgab.

Ech sinn iwwregens, wann ech vun der Direktiv "information et consultation" schwätzen, iwwer ee Passage an der Majoritéitsmotioun ganz frou, nämlech dass mer opgefuerdert ginn, Méiglechkeete virzegesi wann e Patron géint Informatiouns- a Consultatiounsobligatioune verstéisst.

Dat war nämlech eng Diskussioun, déi mer an Europa haten. Ech hunn zu deene Ministeschkolleege gehéiert, déi gär gehat hätten, dass dat obligatoresch esou an d'Direktiv géif ageschriwwe ginn. Domadder si mer awer net duerchkomm.

Ech sinn op där anerer Säit awer ganz frou, wa mer hei eng Majoritéit hätten, fir op d'mannst zu Lëtzebuerg awer esou Sanktiounsméiglechkeeten anzeféieren. Datselwecht soen ech och, an ech mengen dat steet schonn an der Regierungserklärung, dass mer de Prinzip vun der Unité économique et sociale, déi d'Jurisprudenz scho ganz kloer definéiert huet zu Lëtzebuerg, definitiv an d'Gesetz schreiwen. Ech mengen, dat ass wahrscheinlech ee vun deenen einfachst ze schreiwende Passagë vun dem neie Gesetz.

Dir Dammen an Dir Hären, virun deem dass ech zum Schluss kommen, wollt ech nach op zwee Punkten agoen, déi hei an der Debatt gesot ginn, déi an anere Gesetzer awer zur Sprooch kommen.

Dat éischt ass de Seuil vun 18 Joer. Dir sidd an der Chamber befaasst mat deem neie Wahlgesetz, wou op den allgemenge Wahlen d'Passivwahlrecht vun 21 op 18 Joer erofgesat gëtt. De Ministeschrot huet mech de leschte Méindeg autoriséiert, fir e klenge Projet de loi ze deponéieren, wou mer fir sämtlech Sozialwahlen dat maachen.

Dee Projet wäert an deenen nächsten Deeg fäerdeg geschriwwe ginn. Et ass just eng technesch Fro, iwwert déi ech nach net ganz eens sinn, an zwar d'Fro vun dem Délégué des jeunes. Mer mussen oppassen, dass mer net op eemol den Délégué des jeunes ausschalten, wa mer einfach nëmme vun 21 op 18 Joer erofginn, dass mer da keng Délégués aux jeunes méi hätten. Dee Passage muss ech nach schreiwen, sou dass och dat ee Projet wär, deen Der an deenen nächste Woche géift hei an d'Chamber kréien.

Dann huet de Marcel Glesener geschwat vun der ITM-Reform an huet gefrot, ob ech net kéint mat engem Avant-projet de loi deemnächst an d'Chamber kommen. Dat wëll ech net maachen. Ech soen Iech och woufir. Ech hat esou en Avant-projet de loi a mengem Haus. Ech war net zefridde mat deem Avant-projet de loi. Ech hunn Iech schonn eng Kéier gesot, wat ech vu Reformen halen: Entweder et ass eng Reform, oder et ass keng, an da mécht ee keng. Fir awer eng Reform ze maachen, well et ass wierklech eng Reform vun dem Gewerbeinspektiounswiesen néideg, hunn ech décidéiert gehat d'lescht Joer, fir de BIT, de Bureau International du Travail vu Genève, mat engem Audit iwwert d'Lëtzebuerger Gewerbeinspektioun ze chargéieren.

D'Gewerbeinspektioun war direkt domadder d'accord. Deen Audit ass an deenen nächste Méint ofgeschloss. Wou mer elo 100 Joer Gewerbeinspektioun feieren, hu mer décidéiert, dass déi Feier net am Zeeche vum Réckbléck op déi lescht 100 Joer steet, mee am Ausbléck op déi nächst 100 Joer. Den Här Manfred von Richthofen, dee vum BIT kënnt a Spezialist vum BIT ass iwwert d'Gewerbeinspektiounen, wäert a sengem Grondsazreferat och éischten Opschloss ginn, Iech all, iwwert déi noutwendeg Reform vun der Gewerbeinspektioun.

Ier ech mat engem Avant-projet de loi kommen, hätt ech gären eng agehend Diskussioun opgrond vun deem Audit, deen de BIT gemaach huet, deen net nëmmen d'Gewerbeinspektioun an all hir Zorte vu Personal betrëfft, mee deen och d'Sozialpartner betrëfft, d'Gewerkschaften esougutt wéi d'Patronat, an deen ech awer och wëllt, ier dass ech lassfueren, och eng Kéier mat der Chamber diskutéieren, esou wéi, Här President, ech dat an der Regel maachen, dass ech am Virfeld vun engem Projet de loi op d'mannst de Sentiment vun der Chamber anhuelen.

Dat hu mer haut gemaach, an ech soen nach eng Kéier alle Riedner merci fir déi konstruktiv Beispiller.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mer kommen zur Ofstëmmung vun de Motiounen, déi agereecht gi sinn.

Den Här Lux huet d'Wuert.

***Motions***

**M. Lucien Lux** *(LSAP)*.- Här President, ech wollt just zu der Motioun vun der Majoritéit soen, firwat dass mer géint déi Motioun wäerte stëmmen. Net well an där Motioun mer mat den "invite le Gouvernement", déi et der Regierung operleeën, fir déi Reform ze präparéieren, mer do grondleeënd Differenzen hätten. Ech mengen dat gëllt iwwregens fir all d'Fraktioun heibannen, dass, wa mer d'Mëschung géife maache vun deene Punkten aus der Majoritéitsmotioun mat deene vun der LSAP, mer do kënnten en Terrain d'entente fannen.

Et gëtt awer ee Punkt, mat deem mer fundamental net kënnen d'accord sinn. Dat ass, dass dat heiten e Verweis ass vun der Reform op Mokuchsdag. Wann een hei seet, Här Minister, dass een elo emol fir d'éischt wëllt en Avant-projet maachen, dann doriwwer en Dialog maachen, an dann de Projet de loi bis Ënn 2003 ze deposéieren, dann ass et kloer, dass dës Motioun zougëtt, souguer den Aveu ass, dass dës Reform vun 1974 an 1979 net méi wäert virun den nächste Wahlen a Kraaft trieden, déi den 12. November 2003 sinn, an déi nei Mandater deemno och net no deem neie Gesetz kënne sinn.

Dat ass déi essentiell Fro haut gewiescht, an dat ass och d'Aspiratioun vun de Gewerkschaften a vun allen Delegéierten, déi gäre vun eis wéissten, ob mer eis an d'Lag versetzen, fir fir déi nei Mandater, déi da fir 5 Joer sinn, nei Gesetzer ze hunn.

Wann d'Majoritéit d'Regierung hei opfuerdert bis spéitstens Enn 2003 e Projet de loi ze deponéieren, da wësse mer, dass e kaum nach bis zum Enn vun der Legislaturperiod ka gestëmmt ginn, mee mir wëssen, dass d'Gesetz jiddefalls fir déi nei Mandater net méi wäert a Kraaft trieden. An dat ass, mengen ech, déi fundamental Divergenz, déi mir hunn.

Et ass och een Aveu, Här Minister, dass de Regierungsrot Iech e Méinden de Mandat ginn huet, fir deen extra Projet de loi, e klengt Gesetzchen, ze maachen iwwert d'Fro vun der Erofsetzung vum Alter vun de jeunes délégués. Dat maacht Der elo direkt, fir dass dat nach a Kraaft trëtt fir déi nei Mandaten.

Mee dat wat essentiell ass, dat wat wichteg ass, an do wou d'Gewerkschaften an d'Leit, d'Salariéen an de Betriber drop waarden, do gi mer vertréischt. Dat ass dat wat an dëser Motioun steet, an dofir si mer u sech net géint dat wat do steet, mee mat der Opfuerderung bis Enn 2003 kënne mer net mat d'accord sinn, well dat heescht, dass d'Matbestëmmungsreform fir déi nei Mandatsperiod net méi wäert a Kraaft trieden.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Den Här Minister Biltgen huet d'Wuert.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Här President, éischtens wëll ech mech hei ganz ferm dogéint verwieren, dass ech wëll eppes op Mokuchsdag hunn.

Wann ech nach eng Kéier kann drop zréckkommen, soen ech Iech, dass et richteg a wichteg ass, dass mer hei Dialog féieren, an ech maachen deen.

***(Interruptions)***

Ech ka soen, Här Lux, ech hu mech hei u villes gehalen, ech hunn och d'Chamber respektéiert an ech maachen dat an Zukunft weider. Ech respektéieren awer och d'Sozialpartner. Ech hu selwer gesot, dass net all Punkt esou einfach ëmzesetzen ass, dat wësst Dir grad esougutt wéi ech.

Et ass en Ënnerscheed, wat ee muss maachen, ier dass Wahle kënne stattfannen, an dat ass de Wahlalter, an dat wat ee muss hunn, wann d'Mandater dra stinn. Well et ass falsch ze soen, wann dat Gesetz net bis den November 2003 gestëmmt wär, géif dat net méi a Kraaft kënnen triede fir déi nei Mandater. Souguer wann et eréischt géif am Januar 2004 gestëmmt ginn, géif et nach wie vor fir déi Mandater a Kraaft trieden. Et ass falsch ze soen, dat géif dann eréischt 5 Joer drop a Kraaft trieden.

Ech maache meng Aarbecht, an ech maache se uerdentlech, wéi ech alles maachen, an ech loosse mech hei net an Zugzwang brénge. Wann Dir gär hätt - wat an ärer Motioun steet -, dass ech en Avant-projet de loi nach dëst Joer brénge, da kann et näischt Ëmwerfendes ginn, an ech maache gären uerdentlech Aarbecht. Dir wäert gesinn, dass ech dat bis elo nach ëmmer gehalen hunn, wat ech gesot hunn, an et wäert och an Zukunft esou sinn.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Den Här Marcel Glesener huet d'Wuert.

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Här President, Kolleginnen a Kolleegen, den Aarbechtsminister huet ganz kloer gemaach, datt och déi nei Delegatiounen, déi dat nächst Joer am November gewielt ginn, a Fonctioun trieden ab éischte Januar 2004 an dann de Comité mixte d'entreprise gewielt gëtt. Mat Sécherheet kënnen d'Delegatiounen a Fonctioun trieden, no engem neie Gesetz, och wann dat Gesetz net sou fréi gestëmmt gëtt, wéi den Här Lux dat verlaangt.

Mir sinn der Meenung, datt et richteg a gutt ass, fir der Regierung een Termin virzeginn, deen och realistesch ass. Dofir hu mer gesot, avant la fin 2003 soll dee Projet déposéiert sinn.

Ech mengen, wann dat geschitt - an ech hu keen Zweifel drun, dass et geschitt - da kënne mer rechtzäiteg légiféréieren, fir datt déi nei Delegatioune kënnen opgrond vun engem neie Gesetz hir Aarbechten ausféieren.

***(Brouhaha général)***

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur*.- Dat berouegt eis net, wat Dir sot.

**M. Lucien Lux** *(LSAP)*.- An d'Gewerkschaften och net.

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Ech hu Verständnis duerfir, dass dat Iech net berouegt, mee Dir musst awer wëssen, dass dat, wat Dir verlaangt, awer Hokuspokus ass.

***(Interruptions et hilarité)***

Neen, dat ass wierklech onverschimmt Demagogie.

***(Brouhaha général)***

Wann een als erwuessene Politiker verlaangt - Här Bodry dat zielt och fir Iech -, datt jusqu'à la fin de l'année 2002, also elo, an Zäit vun zwee Méint, ee Projet soll deponéiert ginn, do weess jo all Mënsch, datt dat komplett Demagogie ass, wann een esou eppes schreift.

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur*.- Mir sti jo awer haut hoffentlech net um Punkt null an där doter Fro.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Dir wësst guer net, wou mer dru sinn.

***(Hilarité et interruption)***

Dat ass eng onvernünfteg Demagogie, déi Dir bedreift, wann Dir dat verlaangt. Aus deem Grond eleng, Här Bausch an Här Jaerling, kann een dat jo net stëmmen.

Et sinn nach zwee Punkten dra mat deene mir net kënnen d'accord sinn, ech ginn net drop an. Pour le reste kënne mir Är Motioun net stëmmen, well se vill manner wäit geet wéi eis a well se vill manner gutt ass wéi eis.

***(Hilarité)***

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur*.- Dir gitt rout am Gesiicht.

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Dir braucht et nëmmen ze liesen.

**M. le Président**.- Den Här Jaerling huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här President, wann och de sozialistesche Kolleegen hir Motioun vläicht vill manner wäit geet, esou ass se vill méi konkret a versicht dat ëmzesetzen, wat mer am Fong brauchen, nämlech, dass mer bei deenen nächste Sozialwahle wësse mussen, wou mer dru sinn, souwuel beim Seuil vun der Zuel vun

den Delegéierten, wéi awer och bei verschidden anere Saachen.

Den Här Minister huet elo hei gesot, hie géif e klengt Gesetz erabréngen, wat de Wahlalter ännert. Ech wëll drop opmierksam maachen, dass an deem neie Wahlgesetz dra steet, dass zum Beispill d'Gemengeréit a Kraaft trieden, soubal d'Gesetz gewielt ass an net eréischt am Januar, an dass een dat och an deem Gesetz géif mat abannen, wat fir d'Personaldelegatioune gëllt.

Et schéngt mer op jidde Fall wichteg ze soen, dass mer de Sozialdialog alleguer begréisst hunn. Mir hunn déi Aarbecht begréisst, déi d'Kommissioun gemaach huet. Mir hu mat alle Sozialpartner geschwat, des Laangen an des Breeden. Mir hunn erausfonnt, dass d'Meenungen net esou wäit ausernee ginn, esou dass ech awer der Meenung sinn, dass een doraus déi néideg Konklusioune kann zéien, fir kuerzfristeg e Gesetzesprojet hei ze deponéieren.

**M. le Président**.- Den Här Niki Bettendorf huet nach d'Wuert gefrot. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Här President, ech wëll de sozialistesche Kolleege just soen, dass mer zënter 1999 mat der CSV an der Majoritéit sinn, an dass mer zesumme wäerte mat eisem Koalitiounspartner déi Gesetzer stëmmen, déi mer eis virgeholl hunn.

Ech muss soen, dass d'Sozialiste virdru 15 Joer laang mat an der Regierung waren...

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

..., an dass se elo drop insistéieren, fir ze soen, dass mir no dräi Joer nach net fäerdeg wären.

**M. le Président**.- Loosst dach den Här Bettendorf schwätzen! Dir hat jo och d'Geleeënheet.

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Ech weess, dass et fir d'Kolleege vun der sozialistescher Fraktioun schwéier ass, sech domadder ofzefannen, an dass se soen, mir géifen ëmmer déiselwecht Plack opleeën, mee Dir, Här Lux, leet och ëmmer déiselwecht Plack op a sot, dass mir schonn dräi Joer do wieren an et wier nach näischt geschitt. Da soen ech Iech, Dir waart 15 Joer do an Dir hutt et net fäerdeg bruecht.

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur.*- Dir hutt net vill Placken an Ärem Schaf stoen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

***Motions***

**M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert déi zwou Motiounen, déi abruecht gi sinn.

D'Motioun 1 vum Här Lux läit am Text vir. Jiddferee weess ëm wat et geet.

***Vote***

Déi derfir sinn, stëmme mat Jo. Déi dergéint sinn, stëmme mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun 1 ass verworf mat 34 Nee-Stëmmen, 24 Jo-Stëmmen an zwou Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Lucien Lux), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes et Aly Jaerling;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Lucien Clement), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Paul-Henri Meyers), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel (par M. Emile Calmes), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Maggy Nagel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Théo Stendebach), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Mir kommen elo zur Motioun 2. Den Dépôt ass gemaach gi vum Här Marcel Glesener. Et ass eng Motioun vun deenen zwou Koalitiounsparteien. Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 2.

***Vote***

Déi derfir sinn, stëmme mat Jo. Déi dergéint sinn, stëmme mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun 2 ass ugeholl mat 36 Jo-Stëmmen, 21 Nee-Stëmmen an zwou Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Lucien Clement), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Marco Schroell), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Alexandre Krieps), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. John Schummer), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydie Err);*

*M. Jean-Pierre Koepp.*

*Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Lucien Lux), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes et Aly Jaerling;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.*

*Se sont abstenus: M. Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

Dir Dammen an Dir Hären, domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtteg a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.53 heures)***

## JEUDI, 17 OCTOBRE 2002 — 7E SÉANCE — Présidence: M. Jean Spautz, Président

## Ordre du jour

**1.** Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution

**2.** 4867A - Projet de loi portant:

1) modification de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales;

2) modification de la loi du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire;

3) modification de la loi du 1er août 1988 portant création d'une allocation d'éducation et modification de la loi du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire;

4) modification de la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales;

5) modification de la loi modifiée du 20 juin 1977 ayant pour objet

1) d'instituer le contrôle médical systématique des femmes enceintes et des enfants en bas âge;

2) de modifier la législation existante en matière d'allocations de naissance;

6) abrogation de la loi du 8 mars 1984 portant création d'un prêt aux jeunes époux

*(Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

**3.** 4928 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Slovénie en matière de sécurité sociale, signée à Ljubljana, le 1er octobre 2001

*(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

**4.** 4935 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Islande sur la sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 30 novembre 2001

*(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

**5.** 4795 - Projet de loi portant approbation

- de l'Acte final de la Conférence diplomatique sur le Protocole coordonnant la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne "Eurocontrol" du 13 décembre 1960 suite aux différentes modifications intervenues

- du Protocole coordonnant la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne "Eurocontrol" du 13 décembre 1960 suite aux différentes modifications intervenues

- du Protocole additionnel concernant le passage du régime de l'Accord multilatéral relatif aux redevances de route du 12 février 1981 au régime des dispositions pertinentes de la version coordonnée du texte de la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne "Eurocontrol" amendée à Bruxelles en 1997, y compris son Annexe IV

signés à Bruxelles, le 27 juin 1997

*(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

**6.** 4790 - Projet de loi portant transposition en droit luxembourgeois de la Directive 98/5/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 février 1998 visant à faciliter l'exercice permanent de la profession d'avocat dans un Etat membre autre que celui où la qualification a été acquise et portant:

1. modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

2. modification de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés

*(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Henri Grethen et Carlo Wagner, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.30 heures)***

**M. le Président**.- Ech maachen heimat d'Sitzung op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

***(Négation)***

Den Här Paul-Henri Meyers huet d'Wuert, fir den Dépôt vun enger Proposition de révision de la Constitution ze maachen.

## 1. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, dass ech den Dépôt maache vun enger Proposition de révision de la Constitution, déi den Artikel 65 vun der Verfassung ofännert, wouduerch an Zukunft eis Aarbecht wäert erliichtert ginn.

*- Proposition de révision 5039 de l'article 65 de la Constitution*

**M. le Président**.- D'Chamber hélt Akt vum Dépôt vun der Proposition de révision de la Constitution duerch den Här Paul-Henri Meyers. Si gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

Mir ginn zu eisem Ordre du jour iwwer a kommen direkt zur Diskussioun vum Projet de loi 4867A iwwert d'Familljenzoulagen. D'Riednerzäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si schonn agedroen den Här Lux, d'Mme Nagel, déi Häre: Jaerling, Gira an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers. Den Här Meyers huet d'Wuert.

## 2. 4867A - Projet de loi portant:

**1) modification de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales;**

**2) modification de la loi du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire;**

**3) modification de la loi du 1er août 1988 portant création d'une allocation d'éducation et modification de la loi du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire;**

**4) modification de la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales;**

**5) modification de la loi modifiée du 20 juin 1977 ayant pour objet**

**1) d'instituer le contrôle médical systématique des femmes enceintes et des enfants en bas âge;**

**2) de modifier la législation existante en matièred'allocations de naissance;**

**6) abrogation de la loi du 8 mars 1984 portant création d'un prêt aux jeunes époux**

***Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse***

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV)*, *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 4867A, dee mer haut diskutéieren, bréngt Ofännerunge fir fënnef verschidde Gesetzer, déi sech alleguer ëm d'Zoulage fir d'Familljen dréinen. Als sechste Punkt gesäit de Projet d'Ofschafung vum Gesetz vum 8. Mäerz 1986 iwwert d'Prêten fir déi jonk bestuete Leit vir. En Deel vun dësem Projet ass schonn am Dezember d'lescht Joer ugeholl ginn. Deen Deel huet d'Erhéijung vum Kannergeld betraff, an domat war eigentlech - wéi ee kéint soen - d'Kiischt vum Kuch schonn erofgeholl. Haut bleiwen nach, déi méi technesch Bestëmmungen ze diskutéieren an unzehuelen.

***(Brouhaha général et coups de cloche par la Présidence)***

**M. le Président**.- Här Meyers fuert virun.

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV)*, *rapporteur*.- Jo, si huele mir meng Zäit.

**M. le Président**.- Déi aner sollen nolauschteren an net ënnerbriechen.

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV)*, *rapporteur*.- Am Gesetz vum 19. Juni 1985, dat d'Kannergeld betrëfft, gëtt eng ganz Rei Artikelen ofgeännert.

Déi wesentlechst Ofännerunge betreffen éischtens emol d'Definitioun vum Recht op Kannergeld. D'Gesetz definéiert, wéi ee Kand Kannergeld ka kréien. No eiser nationaler Gesetzgebung entsteet d'Recht op d'Kannergeld an der Persoun vum Kand selwer. Derniewent gesäit den Text awer vir, dass d'Kannergeld duerch d'Familljemembere kann entstoen opgrond vun den internationalen oder de communautaire Bestëmmungen.

Den zweete Punkt, deen ofgeännert gëtt, ass d'Definitioun wéi eng Kanner zu engem Familljegrupp gehéieren.

Den drëtte Punkt gesäit vir, dass den Délai vu sechs Méint, deen elo virgesinn ass, fir e Recht op Kannergeld ze hunn, wann een aus dem Ausland kënnt an an eist Land wunne kënnt, ofgeschaaft gëtt. D'Gesetz gesäit Bestëmmunge vir, wéi d'Kannergeld ausbezuelt gëtt. Ausserdeem gëtt dëst Gesetz der Kannergeldskeess d'Méiglechkeet, fir beim Ausbezuele vum Kannergeld u Grenzgänger méi flexibel virzegoen. D'Keess kann d'Ausbezuelen e Mount zréckstellen. Si kann awer och dat ganzt Kannergeld ausbezuelen, wat hei am Land geschëllt ass an duerno mat der zoustänneger Keess aus dem Nopeschland, am Rahme vun engem bilateralen Accord festleeën, wéi d'Ofrechnung geschitt. Dee Moment kann d'Keess dee Betrag, deen am Ausland geschëllt ass, erëmfroen.

Den Text gesäit dann eng Rei aner technesch Ännerunge vir, op déi ech net wëll agoen. Ech wëll just nach ervirhiewen, dass d'Verjährungsfrist, déi bis elo ee Joer war, op zwee Joer eropgesat gëtt. En zweet Gesetz, wat ofgeännert gëtt, ass dat vum 14. Juli 1986 iwwert d'Schoulufankszoulag (allocation de rentrée scolaire). Déi Zoulag gëtt elo bezuelt am August fir Kanner, déi am August d'Recht op Kannergeld hunn. Si ass awer geduecht als Kompensatioun vun de Käschten, déi d'Familljen oder d'Bénéficiairen hunn an deem Schouljoer, wat duerno kënnt.

Et gëtt Leit, déi déi Zoulag kréien, déi am September net méi weiderstudéieren. D'Gesetz wëllt dat redresséieren. Wann een an deem Kalennerjoer, wou d'Schoulufankszoulag ausbezuelt gëtt, d'Studien net weiderféiert, dann ass d'Zoulag net méi geschëllt. Een, deen am September ophält mat de Studien, kann also am August keng Schoulufankszoulag méi kréien.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Entschëllegt, Här Meyers, et gëtt an der Zwëschenzäit eng Logik, dass mer déi Allocation de rentrée scolaire géifen op de Spillschoulsalter ausdehnen, well d'Ausgabe bei de Kanner aus der Spillschoul net wesentlech differéieren vis-à-vis vun den Ausgabe vun de Kanner aus der Primärschoul, well do d'Gemengen alleguer d'Schoulmaterial iwwerhuelen, esou dass een zumindest Reflexioun soll doriwwer féieren.

Et läit eng Proposition de loi an deem Sënn vir.

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV)*, *rapporteur*.- Här Mars Di Bartolomeo, Dir gesitt, dass d'sozial Gesetzgebung permanent muss ugepasst ginn. Ech kann lech an deem dote Punkt net widderspriechen an dat wëll ech och net maachen.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Dat ass ganz léif.

***(Interruption)***

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV)*, *rapporteur*.- Neen, Här honorabelen Deputéierten, ech si Rapporteur vun engem Projet de loi. Ech schwätzen am Numm vun der Kommissioun, an net a mengem eegenen Numm hei.

D'Gesetz vum 1. August 1988 iwwert d'Erzéiungszoulag gëtt ofgeännert duerch eng nei Definitioun vun der Residenzbestëmmung. Domat gëtt der Jurisprudenz vum europäesche Geriichtshaff Rechnung gedroen. Ausserdeem ginn d'Bestëmmunge geännert vum Délai während där Zäit, wou déi Zoulag ausbezuelt gi kann. Bis elo ass se bezuelt gi während zwee Joer. Dat gëtt elo geännert. All Kand kritt déi Zoulag während deemselwechten Délai, soudass bei Zwillingen déi Zoulag net méi, wéi bis elo, während zwee Joer, mee während véier Joer kann ausbezuelt ginn.

E véiert Gesetz, wat geännert gëtt, ass dat vum 12. Februar 1999 iwwert de Congé parental. Dee gëtt am selwechte Sënn geännert wéi d'Erzéiungszoulag. Dat heescht de Congé parental gëtt integral accordéiert fir all Kand. D'Gesetz gesäit nach eng aner nei Bestëmmung vir. Dat ass déi, dass, wa Sträitfäll tëschent den Elteren entstinn, de Congé parental dann un deen Elterendeel bewëllegt gëtt, deem säi Familljennumm am Alphabet vir ass. Wann also d'Mamm Müller heescht an de Papp Schmidt, da kritt d'Mamm de Congé parental, well den M am Alphabet virum S ass.

Fënneftens, beim Gesetz vum 20. Juni 1977 iwwert de Contrôle médical vun de Fraen, déi erwaarden, gëtt den Artikel 1 ergänzt duerch en Zousaz, dee virgesäit, dass d'Berodungskäschte vun den Hiefammen zu Laaschte vum Stat sinn. Dat war eng kleng Lacune an déi ass domat geschloss.

**Une voix**.- Eng kleng Lacune? Dat war eng grouss Lacune.

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV)*, *rapporteur*.- Sechstens, d'Gesetz vum 8. Mäerz 1984, dat virgesäit, datt bestuete jonk Leit bei der Gebuert vun engem Kand een Deel vun deem Geld, dat si geléint hunn, fir Miwwelen ze kafen, duerch d'Kannergeldkeess kann zréckbezuelt ginn, gëtt ofgeschaaft. Dat Gesetz huet an deene leschte Jore kaum nach Uwendung fonnt, well déi Bestëmmunge vun deem Gesetz zimlech komplizéiert waren., an duerfir huet d'Regierung virgeschloen, dat Gesetz ofzeschafen.

Net all Instanzen, déi gefrot gi sinn, waren domat d'accord. De Conseil d'Etat huet seng Bedenke geäussert a gemengt et hätt een dat Gesetz kënnen aneschters ëmänneren. An der Kommissioun selwer war eng Diskussioun an en Deel vun de Membere vun der Kommissioun waren der Meenung, et hätt een dat Gesetz kënnen aneschters ausriichten. D'Kommissioun huet sech awer de Virschléi vun der Regierung ugeschloss a si war d'accord, mat enger grousser Majoritéit, fir dat Gesetz ofzeschafen.

D'Kommissioun vun der Famill an der sozialer Solidaritéit war des Weidere mat deenen anere Bestëmmunge vun dësem Gesetz d'accord. Ech géif mengersäits d'Chamber bieden, dat Gesetz an där Form, wéi d'Kommissioun et proposéiert huet, unzehuelen.

**M. le Président**.- Als éischte Riedner ass den Här Lucien Lux agedroen. Den Här Lux huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Lucien Lux** *(LSAP)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, eis Fraktioun huet virun engem Joer jo gesot zu dem éischten Deel vun dësem Projet de loi, dee jo, wéi et vum Kolleeg Paul-Henri Meyers elo grad betount ginn ass, d'Kannergelderhéijung betraff huet. Eis Fraktioun wäert och jo soen zum zweeten Deel vun dësem Projet, dee mer an der Kommissioun a Rou duerchdiskutéiert hunn an deen a bal alle Punkten e Konsens fonnt huet. Duerfir eise Merci un de Kolleeg Paul-Henri Meyers, dee souwuel an der Kommissioun, wéi hei, eng exzellent Aarbecht geleescht huet.

Den zweeten Deel vun dësem Projet - dat ass scho gesot ginn - betrëfft haaptsächlech technesch Punkten. Mir soen esou an der Politikersprooch, dass dat technesch Punkte sinn, allerdéngs sinn et Punkten, déi fir vill Leit, déi dovunner betraff sinn, an déi interesséiert sinn un deenen engen oder anere Punkten, wichteg sinn. Bei Verlängerunge vu Fristen oder bei multiple Naissancen interesséiert schonn eng Rei vu Leit dat, wat mir haut décidéieren. Et sinn der souguer dobäi, déi scho laang mat Ongedold drop waarden, dass mir dat stëmmen. Dat heescht et sinn technesch Punkten, mee trotzdeem si se wichteg fir eng Rei vu Bénéficiairen, déi eppes dovunner wäerten hunn.

Ech wëll duerfir just zwou, dräi Bemierkunge maachen, déi e bëssen niewent dem Projet leien, an trotzdeem awer déi Dispositioune betreffen, déi mer haut diskutéieren. Dat eent ass de Congé parental. Sécherlech hätt een do elo nach sech kënnen e bësse gedëllegen a waarde bis mer zu der generneller Revisioun kommen. Duerch de Fait, dass dat heiten elo ëm ee Joer décaléiert ass, si mer praktesch ukomm bei dem Délai, wou mer mussen iwwert déi grouss Revisioun vum Congé parental diskutéieren. Et ass näischt Neies, wann ech soen, dass wichteg Dispositiounen, wéi zum Beispill déi vum Congé parental, den 31. Juli 2003 auslafen. Ech wär a sech frou, herno vun der Mme Ministesch ze héieren, wéi se gedenkt deen Débat iwwert déi Revisioun ze féieren, wéi si e wëllt féieren, mat wiem si e wëllt féieren a wéi se d'Chamber an deen Débat iwwert de Congé parental wëllt implizéieren.

Ech géif drun erënneren, dass et jo eng ganz Rei vu gudde Viraarbechten gëtt. Nach gëschter hate mir an eisem Courrier de Rapport iwwert dee Seminär, dee stattfonnt huet an Zesummenaarbecht mam Cid-Femmes, dem Fraeministère, de Gewerkschaften OBG-L, LCGB an dem Landesverband. Ech däerf drun erënneren, och am Numm vum Här Sunnen, dass déi zwee Fraeservicer vun de Gemenge Suessem a Beetebuerg eng Viraarbecht geleescht hunn, wou ech géif hoffen, dass se e Bestanddeel ka gi vun där Diskussioun, well sech do vill Méi gemaach ginn ass, fir mat betraffene Männer a Fraen ze kucken, wéi dann d'Auswierkunge sinn a wat kënnt verbessert ginn.

An deem Sënn, mengen ech, wär et schonn interessant, dass mer deem Rechnung droen an Ableck huelen, wat zu dësem Projet de loi déi zwou Kummere vun de Privatbeamten a vun den Aarbechter gesot hunn, déi drop higewisen hunn, dass et elo héich Zäit gëtt, fir sech ëm déi global Revisioun ze këmmeren. D'Chambre des Employés privés schwätzt net zu Onrecht, dass et à part vun deem, wat mer elo haut am PAN-Gesetz änneren, et, ausser méi speziell deem Punkt vum Congé parental, eng ganz Rei vun, si nennt et Inkohärenzen, ech géing soen Interpretatiounsschwieregkeete vun Ufank u gouf. Si schwätzt vu Maladies d'enfant, déi eng Rei vun Dispositioune vu vireran haten an déi mir also scho mussen diskutéieren. Datselwecht mécht d'Chambre de Travail, déi sech wënscht, dass déi Reflexiounen, déi lénks a riets gemaach gi sinn an deene leschte Wochen a Méint an deen Débat do afléissen.

Ech géif nawell gären nach eng Kéier op den Avis vun der Caisse nationale des Prestations familiales opmierksam maachen, déi an hirem Avis seet - an ech mengen, dat misst ee parallell effektiv maachen -, dass et noutwenneg wär, fir iwwert d'Allocation d'éducation, wat jo an der Tëschenzäit wierklech als de Corollaire vum Congé parental ugesi gëtt, eng Kéier nozedenken, iwwert d'Essence même vun där Allocatioun, als wat se dann ze betruechten ass. Ass se eng Prestation familiale, e Revenu de remplacement oder eng Sozialhëllef? Et ass dat, op wat si opmierksam mécht. Ech mengen, dass dat eng ganz utile Remarque ass, déi mer an d'Diskussioun mussen aféieren.

Ech hu gesot, dass mir d'lescht d'Joer de Jo ginn hunn zu der Kannergelderhéijung, déi den éischte Januar 2002 a Kraaft getratt ass. Mir hunn dat gemaach, obwuel mir eng ganz Rei vu prinzipielle Bedenken an der Diskussioun deemools hei ugefouert hunn, zum Beispill iwwert d'Aart a Weis - wann ech et géif vereinfachen, géif ech soen dem Géisskaneprinzip - vun der Kannergelderhéijung. Des Weideren hate mer Bedenken iwwert d'Tatsaach, dass déi nei Koalitioun dee Wee net méi fortgeschratt ass, dee mer an der viregter Koalitioun tëschent CSV an LSAP begaangen haten, fir an deene jeeweilegen Etappen, engersäits d'Kannergeld ze erhéijen, an anerersäits duerfir ze suergen, dass d'Kanner bei de Steiere grad esou parallell an ëm deeselwechte Montant berücksichtegt ginn, fir dann, wa mer nach dräi Etappe gepackt hätten, zu engem Punkt ze kommen, wou dem Stat all Kand d'selwecht vill wäert wär.

Leider Gottes konnt d'Mme Ministesch, déi, mengen ech, un iergendengem Sommet vun der Gewalt u Kanner deemools sech bedeelegt huet, net dobäi sinn an déi Diskussioun verfollegen. Et war eng interessant Diskussioun. Duerfir meng Fro de Mëtteg - meng zweet Fro -, wéini mer endlech kënnen domat rechnen, dass déi Etüd, déi d'Regierung an Optrag ginn huet iwwert d'Gerechtegkeet vun de Sozialtransferten, haaptsächlech an Direktioun vun de Familljen, virläit? D'Regierung war esou léif, eng Interpellatioun vun eiser Fraktioun zu deem Sujet unzehuelen. Dat ass awer schonn e gutt Joer hier.

Duerfir wär et wierklech utile, dass déi Etüd endlech géif kommen. Et wär besser gewiescht, si wär am Ufank vun der Period diskutéiert ginn, fir dass mer dann hätten opgrond vun der Etüd kënnen eis Décisiounen huelen. Leider Gottes war dat net de Fall. Et ass jo wuel erëm ze fäerten - vläicht geet et och dës Kéier ganz aneschters -, dass déi heiten Etüd grad esou an d'Schief klasséiert gëtt, wéi déi Etüden, déi mer schonn aus der Vergaangenheet kennen.

Ufanks der nonzeger Joren huet den Här Calot eis scho geroden, op de Wee ze goen, fir d'Kanner aus de Steieren erauszehuelen, well dat deen eenzeg gerechte Wee wär. Wann ee kuckt, wat d'RWI-Studie 1995 gesot huet zu deem Sujet, wat ongefeier datselwecht war, wat dertëschent eng ganz Rei vu Kolleegen an hire Rapporten hei gesot hunn, dee leschte war den Här Biltgen, deen elo haut an der Regierung ass,

deen a sengem deemolege Budgetsrapport sech duerfir ausgeschwat hat, fir déi dräi Etappe weiderzeféieren, fir da wierklech zu deem Zil ze kommen. Et wär also interessant, ze kucken, wéi mir do an Zukunft verfueren.

Et bleift ze soen, datt virun engem Joer den Här Weiler, Fraktiounspresident, sech am Débat u sech éischter fir déi dote Linn ausgeschwat huet a gemengt huet, dass een effektiv e bëssen onzefridde wär, dass mer u sech Studien an Optrag ginn an dann awer weiderfueren an där Politik, einfach mat der Strenz d'Kannergeld an d'Luucht ze setzen, an dat Ganzt, ouni eis Gedanken ze maachen, ob dat da wierklech zilgerecht ass, an ob et wierklech deenen ze gutt kënnt, déi wierklech eppes dovunner sollen hunn.

Déi zwou Saachen, wéi gesot: d'Revisioun vum Congé parental, an anerersäits, wéi verfuere mer am Zesummenhang mat der neier Etüd, där hir Aarbechte jo ofgeschloss sinn, wéi eis gesot ginn ass. Wéi gi mir elo do erun? Dat sinn zwou Froen, déi eis interessant genuch schéngen, fir eng Äntwert dorop ze kréien. Fir de Rescht kënne mer mat den Dispositiounen, déi eis haut proposéiert ginn, d'accord sinn. Merci.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Maggy Nagel agedroen. D'Mme Nagel huet d'Wuert.

**Mme Maggy Nagel** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, un déi rapid Linn, déi elo ugefaange ginn ass, wëll ech mech ganz gären uschléissen. Ech soen awer virun allem dem Rapporteur, dem honorabelen Här Meyers, merci fir - wéi gewinnt - säin exzellente schréftleche souwéi mëndleche Rapport, deen hien eis hei gemaach huet. Hien huet gesot: "Mir hunn am Dezember schonn d'Kiischt vum Kuch giess", da komme mer haut zum Schwanz.

Wéi meng Virriedner et scho gesot hunn, geet et hei net drëm nei Prestatiounen ze schafen, oder nei Bénéficiairë vun Allocatiounen ze désignéieren, mee den Objectif vun dësem Text ass eng Harmoniséierung zwëschent de Lëtzebuerger Gesetzestexter mat Jurisprudenze vum europäesche Geriichtshaff. Ausserdem ginn d'Kritäre vun der Résidence, fir an de Genoss ze komme vun de Familljeprestatiounen, nei definéiert, esou dass keen Ënnerscheed méi besteet zwëschent de Lëtzebuerger Résidenten an den Net-Résidenten. Dëst ënnert dem Prinzip vun der libre circulation des personnes a vun der Gläichheet a puncto Gehälter.

Dësen Text enthält konkret Dispositiounen, wat d'Allocation d'éducation an de Congé parental ugeet am Fall vun enger Naissance multiple, an d'Mme Minister huet eis den Amendement virgeluegt, dee virgesäit, dass d'Konsultatioune bei enger Hiefamm, déi preventiver Natur sinn, kënne vum Stat iwwerholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all dës Dispositioune fanne selbstverständlech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei. Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Den Här Jaerling ass als nächste Riedner agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll selbstverständlech och dem Rapporteur mäi Luef ausspriechen fir säin ausféierleche Rapport an d'Aarbechten, déi an der Kommissioun geleescht gi sinn, begréissen.

Et ass wichteg, wann an all deene Gesetzgebungen eng Vereinfachung vun de Prozedure kënnt, besonnesch eng Vereinfachung vun de Prozeduren am Zesummenhang, dass all Salarié emol endlech weess, wat hien zegutt huet, an dass all d'Kritäre fir deen een, wéi fir deen aneren, déiselwecht sinn, dat besonnesch beim Kannergeld.

Mee zum Kannergeld wëll ech awer nach eng Bemierkung maachen, an dat ass praktesch d'Onméiglechkeet, fir mat deene Servicer a Verbindung ze kommen. Do mussen, obwuel scho vill Efforte gemaach gi sinn, trotzdeem nach weider Efforte gemaach ginn, fir dass d'Leit awer wierklech sech kënnen do informéieren an d'Méiglechkeet hunn iwwer Télefon un dee Service ze kommen. Elo ass et jo esou, dass d'Leit gesot kréien, si sollen e Fax eraschécken oder schreiwen. Bedauerlecherweis, dauert et dann awer, wéinst deene villen Ufroen, déi eben do sinn, nach relativ laang ir d'Leit eng Äntwert kréien, wa se iwwerhaapt eng kréien. Ech mengen, et soll och an deem Beräich versicht ginn, fir awer e bësse Remedur ze schafen a fir e bëssen do ze suergen, dass d'Leit éischter un déi Informatioune kommen, déi se gären hätten am Zesummenhang mat hirem Kannergeld.

Wat d'Generalrevisioun vum Congé parental ubelaangt, do kann een nëmmen domat d'accord sinn. Dat ass wichteg. Et huet ee jo missten ofwaarden, wéi dat sech um Terrain entwéckelt huet. Et gesäit een, dass eng Rei Malaisen do sinn. Déi fënnt een an der Praxis eraus an et ass duerfir ëmsou méi noutwenneg, dass een eng Kéier misst duerfir suergen, dass déi kleng Revisioune gemaach ginn, an dass mer da wierklech e Congé parental hunn, deen de Besoine vun de Leit méi oder wéineger entsprécht.

An deem Zesummenhang wëll ech vläicht emol eng Kéier vun enger anerer Revisioun schwätzen, där vum Congé pour raisons familiales, deen agefouert ginn ass a wat eng gutt Saach ass, mee wou een awer muss soen, dass dat an der Praxis net esou eriwwerkënnt, wéi dat soll, an dass do d'Leit net richteg informéiert sinn iwwer hir Rechter, an dass och do an de Prozeduren nach vill Malaisë sinn, wann d'Leit gären hire Congé pour raisons familiales huelen.

Et misst een eng Kéier eng Diskussioun driwwer féieren, wéi de Congé pour raisons familiales sech an der Praxis ausgewierkt, fir ze kucken, dass jiddfereen, dee sech do mellt, säi Recht kritt. Et misst een och emol iwwerleeën, fir dee Congé pour raisons familiales vläicht nach e bëssen auszebauen, well mer jo elo wierklech op deem klengsten Niveau sinn, wat de Congé pour raisons familiales ubelaangt, géigeniwwer vun eisen Nopeschlänner, déi an deem Beräich vill méi wäit ginn. A well mer jo awer ganz oft déi negativ Saachen an eis Nopeschlänner siche ginn, fir hei Verschiddenes ze entschëllegen, da sollte mer beim Congé pour raisons familiales vläicht déi positiv Saache siche goen an déi hei applizéieren.

Wat d'Ofschafung vum Prêt pour jeunes époux ubelaangt, ech weess net, ob dat richteg ass oder falsch. Op jidde Fall ass et esou, wann hei gesot gëtt, dass en doduerch, dass et esou komplizéiert wier, fir en ze kréien, an doduerch dass net vill Familljen en an Usproch geholl hunn, soll ofgeschaaft ginn, dann hätt een an enger éischter Phase sech missten iwwerleeën, ob een net déi komplizéiert Aart a Weis an all déi administrativ Hürde misst ewechmaachen, ir een drun denkt, fir en ofzeschafen. Mee, wa mer awer der Meenung sinn, dass et näischt bruecht huet, an dass elo aner Moyenen do sinn, fir dat ze ersetzen, da kann een net grad do dergéint sinn. Et hätt een awer an enger éischter Phas vläicht kënnen drun denken, fir eventuell fir d'éischt déi administrativ Hürden ewechzehuelen, a wann dat näischt bruecht hätt, de Prêt dann eréischt ofzeschafen. Ech kann awer hei mat rouegem Gewëssen den Accord vun eiser Fraktioun fir dëse Projet ginn. Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, merci fir d'Wuert. Ech wäert mech hei op just een Aspekt vum Projet de loi beschränken, nämlech den Zousaz, wou et ëm d'Konsultatioune vun den Hiefamme geet.

Eigentlech, Dir Dammen an Dir Hären, missten net nëmme mir hei bannen, mee et missten och d'Hiefammen dobaussen a ganz vill werdend Mammen e Glas Schampes opmaachen - wann een dat däerf als schwanger Fra.

Dat hei ass en Débat, dee mer zënter enger ganz laanger Zäit gefouert hunn. Ech erënneren drun, dass 1995 e Gesetz gestëmmt ginn ass, wou e Règlement grand-ducal virgesi war, deen et méiglech gemaach hätt, dass Konsultatiounen, déi am Kader vun der Schwangerschaft, während der Gebuert an awer och no der Gebuert, gemaach ginn, kënne rembourséiert ginn.

Dee Règlement grand-ducal steet nach ëmmer aus, ech kommen herno nach eng Kéier dorobber zréck. Ech wëll awer just soen, dass d'Diskussioun selwer ronderëm dës Problematik scho vill méi al ass wéi 1995. Wann ech mech gutt erënneren, ass se schonn 1977 lass gaang mat deem éischte Gesetz iwwert d'Allocation de maternité. Et ass eng Problematik, déi sécherlech eng ideologesch Nues huet, an déi Leit, déi scho méi laang hei an der Chamber sinn, kënne sech vläicht nach erënneren un déi Debatten, déi mer 1994 bis 1996 ronderëm d'Gebuertshëllef haten, grad ronderëm déi doten zentral Fro.

Ech wéilt Iech, just fir deen historeschen Aspekt mat eranzebréngen, aus engem Bréif vun der AMMD virliesen: "L'instauration de consultations complémentaires de sages-femmes ne relève pas d'un souci de qualité de l'obstétrique luxembourgeoise, mais de considérations idéologiques, dont les conséquences sur la mortalité périnatale ne sont pas prévisibles." Dat war ongefeier den Toun an deem deemools diskutéiert ginn ass. Et sinn nach méi wäitgehend Aussoe gemaach ginn déi Zäit. Jiddefalls ass et dunn zu engem richtegen öffentleche Sträit zwëschent den Hiefammen an den Doktere komm. Et ass jo ganz kloer, wourëms et hei geet. Et geet drëms, dass d'Hiefamme mussen d'Recht behalen, fir déi schwanger Fraen an d'Mamme mat de klenge Kanner kënne weider gutt ze beroden an ze encadréieren. Dat ass natierlech eng Problematik, wou eng Rei vun Doktere fäerten, dass hinnen op d'Plate-bandë getrëppelt gëtt.

Mat deem klenge Saz, dee mer elo an dësem Gesetz hei bäifügen, gëtt also dee jorzéngtelaange Sträit hoffentlech bäigeluegt. Et ass da vläicht d'Geleeënheet fir eng Rei vun Deputéierten, fir mat hire Questions parlamentaires zu deem Thema ze glänzen. Ech erënneren drun, dass mir: den Här Di Bartolomeo, den Här Calmes an ech selwer, eis eng Freed draus gemaach hunn, fir all Joer erëm eng Kéier eng Fro zu deem Règlement grand-ducal ze stellen. Dee Pleséier wäerte mer dann elo wahrscheinlech net méi hunn.

Trotzdeem mengen ech awer, dass zumindest fir haut nach eng oder zwou Froen opbleiwen. Mir hate jo am November d'lescht Joer als Gréng eng Motioun grad zu deem Punkt vum Règlement grand-ducal deponéiert, an déi war eestëmmeg ugeholl ginn. Do huet den Här Gesondheetsminister awer gemengt, dee Règlement grand-ducal kéint eréischt virgeluegt ginn, wann dat Gesetz hei gestëmmt wär.

Ech weess net, ob Dir an der Kommissioun, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert dee Règlement grand-ducal geschwat hutt, et wier jiddefalls wichteg, dass en esou schnell wéi méiglech kënnt a Kraaft trieden. Do kann den Här Gesondheetsminister eis vläicht herno nach Erklärungen dozou ginn. Déi aner Problematik, déi domat zesummenhänkt, ass déi, wéi et mat der Nomenklatur ass, a wéi wäit do d'UCM schon eppes virgesinn huet, fir dass déi Konsultatiounen eben hir eegen Nomenklatur kréien, an dass dann endlech dee ganze System vun deene Konsultatiounen kann an der Praxis ufänke gutt ze funktionéieren. Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Den Här Jeannot Krecké huet nach d'Wuert gefrot. Den Här Krecké huet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer schnell eng kleng Bemierkung. Wann ech de Rapporteur verstanen hunn, huet dee jo hei geschwat vun engem Gesetz, wat sech éischter ofgëtt mat Technicalities, nodeem dass de méi politischen Deel, d'Augmentation vun den Allocations familiales, am Fong virdru geholl virdru.

Ech muss allerdéngs soen, dass ech do ufänke meng héchst Bedenke bei deenen Aussoen ze hunn, a virun allem geschwënn net méi weess, wat hei gespillt gëtt. Dat ass fir d'zweet an dëser Woch, dass ech muss eropkommen an Iech, au risque dass ech Iech schrecklech op d'Nerve ginn, op eppes muss opmierksam maachen.

Här Weiler, ech weess, dass dat Iech wahrschweinlech net interesséiert.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Dach, dach. Ech hunn elo soss näischt gemaach, wéi Iech nogelauschtert.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Am Gesetz vun 1985 iwwert den Établissement public - d'Caisse nationale des prestations familiales ass en Établissement public - steet am Artikel 14: "Sans préjudice des dispositions qui précèdent, le contrôle de la gestion financière est assurée encore par la Chambre des Comptes suivant les modalités à déterminer par règlement grand-ducal."

Alleguerten d'Parteien hei ronderëm hunn eng Cour des Comptes gewënscht, an alleguerten hu se am Gesetz iwwert d'Cour des Comptes Folgendes gestëmmt: "Si une loi se réfère à la Chambre des Comptes ou au Président de la Chambre des Comptes, ces termes s'entendent respectivement comme Cour des Comptes ou Président de la Cour des Comptes." Dat heescht ni plus, ni moins, dass dësen Établissement public jo haaptsächlech lieft vun de Suen, déi de Stat ëm gëtt, a selbstverständlech dem Contrôle vun der Cour des Comptes bis haut ënnerworf war. Wat ech eng Selbstverständlechkeet fannen, dass dat esou ass.

Elo liesen ech hei als einfache Basisdeputéierten: "L'alinéa 3 de l'article 14" - a wann ech dat richteg gesinn hunn, ass dat deen, deen ech lech virgelies hunn - "est abrogé". Dat heescht, dass mer d'Cour des Comptes net méi als Kontrollorgan vun dem Établissement public Caisse nationale des prestations familiales hunn, sauf en ce qui concerne les points, déi an der Cour des Comptes hirem Gesetz stinn, wou e Concours financier ass.

Den Här Rapporteur, mengen ech, wollt och eppes dozou soen.

**M. le Président**.- Den Här Meyers huet d'Wuert als Rapporteur.

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV), rapporteur*.- Et geschitt hei, Här Krecké, wat bei allen Etablissementer vun der Sécurité sociale besteet. Si gi kontrolléiert vun der Inspection générale de la Sécurité sociale. Déi al Chambre des Comptes huet selwer an der Zäit gefrot, dass si vun deene Missiounen entbonne gi soll, well et eigentlech kee Sënn géif maachen, dass zwou Instanze vum Stat géifen déi Etablissementer kontrolléieren.

Wann Dir d'Texter nokuckt vun der Sécurité sociale, déi gemaach gi vun der Inspection générale de la sécurité sociale, da gesidd Der, dass dee Contrôle permanent ass. Dat ass net nëmmen e Contrôle, deen eng Kéier geschitt, mee d'Leit vun der Inspektioun gi permanent dohin, Mount fir Mount, fir déi Keesen ze kontrolléieren, souwuel d'Krankekeesen, wéi d'Pensiounskeesen, wéi d'Kannergeldskeess an de Fonds national de Solidarité. Duerfir stellt d'Fro sech, ob een dat do hätt solle bäibehalen oder net, a well et bei deenen aneren Établissementer net ass, ass et och hei ofgeschaaft ginn. Et ass iwwregens och ofgeschaaft beim Fonds national de Solidarité. Do huet e Reglement bestanen.

Dat verhënnert allerdéngs net, dass wann d'Cour des Comptes eng allgemeng Dispositioun huet, a si soll all d'Gelder vum Stat a parastaatlechen Institutioune kontrolléieren, dass se dat à tout moment ka maachen, ob et am Gesetz hei steet oder net.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Här President, ech huelen Akt vun der Deklaratioun vum Rapporteur. Ech wëll awer zwou Remarke formuléieren. Déi éischt ass: Den Objet vum Contrôle vun der ancienne Chambre des Comptes war een op all Akt quasi. Dat heescht si hu misste pointéieren, fir dass eppes geschitt. Déi nei Cour des Comptes mécht dat jo net. Duerfir ass et de toute évidence, dass deemools de Contrôle, deen d'IGSS gemaach huet, quasi deeselwechte war, wéi dee vun der Chambre des Comptes, dat heescht, all Operatioun eng Kéier ze kucken op hir Regularitéit an op hir Legalitéit hin. Dat war en double contrôle.

D'Cour des Comptes, déi mer elo hunn, mécht dat jo guer net méi. Déi ass éischtens net méi ex ante, déi ass ex post, déi mécht dat duerno a mécht e Contrôle, deen e ganz aneren ass. Ech weess, dass ech Iech op d'Nerve ginn, mee bei der Concertshal hat ech Iech och gesot, dass dee Contrôle, deen am Moment effectuéiert gëtt vun der Cour des Comptes e ganz aneren ass. An deen, dee sech d'Méi gëtt déi Rapporten ze liesen, déi elo iwwert d'Établissements publics erauskomm sinn, mierkt, dass et net e Contrôle ass Punkt fir Punkt, ob déi Operatioun richteg oder falsch war, wéi dat virdrun d'Chambre des Comptes gemaach huet, mee vill méi e generellen ass.

Déi zweet Remarque ass déi: Hei ass elo de facto ofgeschaaft, dass d'Chamber den direkte Contrôle vun der Caisse matgedeelt kritt. Ech hätt gären, dass mir hei emol e seriöen Débat doriwwer féieren. Wëlle mir als Chamber elo - an dat huet net nëmmen eppes heimadder ze dinn - d'Cour des Comptes aus all Établissement public erauspuchen? An dat, well déi Rapporten, déi am Moment erauskomm sinn - well et ass fir d'zweet dës Woch, dass mer dat do maa-

chen - esou vill stéieren. Puche mer elo d'Cour des Comptes aus all Établissement public eraus, fir dass dat do net méi virkënnt, wat virkomm ass, nämlech dass Désagréables gesot ginn ass?

De Rapport vun der Cour des Comptes ass nämlech der Chamber zougängeg. Dee vun der IGSS ass e Contrôle vun enger Instance gouvernementale an net vun enger Instance parlementaire. Ech soen lech, wat meng Meenung ass - an dat ass net nëmme fir dëse Projet -, dass all Établissement public, vläicht mat Ausnahm vun deenen, déi eng reng industriell kommerziell Aktivitéit hunn - do kënne mer nach driwwer diskutéieren -, mee all déi aner, besonnesch do, wou de Concours financier vum Stat esou ass wéi bei dësem, dem Contrôle parlementaire ënnerläit, an zwar par le biais vun der Cour des Comptes.

Wann Dir hei an der Chamber der Meenung sidd, dass dat net méi soll sinn, da sot et eng Kéier haart. Ech halen elo op domadder. Ech brénge geschwënn eng Resolutioun eran, fir dass d'Chamber déciséiert, ob se wëllt, dass systematesch bei allen Établissements publics e Contrôle vun der Cour des Comptes, an doriwwer eraus e Contrôle vun der Chamber duerch hir Budgetskontrollkommissioun, effectuéiert gëtt.

Ech weess, dass keen d'Budgetskontrollkommissioun gären huet, och d'Ministesch net. Dat verstinn ech. Ech fannen dat ganz normal, mee ech stellen einfach fest, dass hei eng Tendenz amgaang ass sech ze weisen, déi ech net appréciéieren. Ech wäert déi Tendenz net ënnerstëtzen an ech wäert mech bei dësem Gesetz wéinst deem dote Punkt enthalen.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Serge Urbany.

***(Interruption)***

Den Här Paul-Henri Meyers huet d'Wuert nach eng Kéier gefrot.

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV)*, *rapporteur*.- Ech verstinn den Här Krecké net. Ech hunn him jo scho gesot, dass näischt d'Cour des Comptes drun hënnert, fir dee Contrôle, deen an hirer Missioun läit, ze maachen. Dëst Gesetz verbitt dat net. Bis elo stung am Text dran, dass déi al Chambre des Comptes dee Contrôle gemaach huet, wéi dat a verschiddenen Texter dra stung. Dat gëtt erausgeholl.

***(Interruption)***

U sech misst een dann higoen a bei deenen aneren Etablissementer vun der Sécurité sociale déiselwecht Dispositioune virgesinn. Et schwätzt näischt dergéint, fir eng allgemeng Dispositioun ze maachen, wou da gesot gëtt: All Établissements publics ginn esou kontrolléiert. Ech hunn lech jo gesot, et gëtt näischt, wat der Cour des Comptes verbitt dee Contrôle do ze maachen.

**M. le Président**.- D'Mme Minister huet d'Wuert gefrot.

**Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Här President, ech wëll drop opmierksam maachen, dass justement en anert Etablissement, wat vun der Sécurité sociale kontrolléiert gëtt, an zwar de Fonds de Solidarité vun der Cour des Comptes opgrond vun deene selwechte Gesetzer kontrolléiert ginn ass. Duerfir verstinn ech am Fong geholl net, firwat dass Dir mengt, a firwat dass Dir fäert, dass dat elo net kéint de Fall sinn.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Mme Minister, bei allem Respekt, firwat geet een esou eng Dispositioun, ouni dass iergendwou Referenz drop geholl gëtt - ech hunn nämlech d'Texter nogelies - sträichen? Et steet néirens eng Explikatioun do firwat. Firwat ass dat esou? Da soen ech einfach: Wat wëllt een domadder? Loosst et dach dran! Wann Dir näischt ze verstoppen hutt, da loosst et dran. Hei gitt Dir et eraushuelen. Wann een e Geste mécht, fir eppes erauszehuelen, dann huet een eppes am Hannerkapp, well soss léisst een et dran. Firwat huelt Dir et dann eraus?

***(Brouhaha général)***

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Gëtt et e Contrôle vun der Cour des Comptes, jo oder neen?

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- D'Regierung wëllt eppes soen duerch de Mond vum Här Weiler.

***(Hilarité)***

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo d'Mme Minister.

***(Interruptions diverses)***

Här Urbany schwätzt Dir nach dozou oder schwätzt Dir net méi dozou?

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Ech schwätzen nach dozou.

**M. le Président**.- Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Här President, en éischten Ulass, fir dat Gesetz hei ze maachen, war jo d'Upassung un dat neit internationaalt Ëmfeld, an zwar an engem positive Sënn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Wat d'Kannergeld ugeet, huet dat haaptsächlech zur Konsequenz, niewent e puer juristesche Spatzfënnegkeeten, déi hei agebaut gi sinn, dass Leit aus Drëttlänner keng minimal Openthaltsdauer brauche méi ze hunn, fir e Recht op Kannergeld ze kréien. Wat d'Allocation d'éducation ugeet, esou gëtt déi elo exportabel, no enger Jurisprudenz vum Europäesche Geriicht, grad esou wéi d'Kannergeld virdrun. Dat heescht déi Frontalieren, déi hei schaffen, kënnen et kréien.

Den zweeten Ulass ass awer - an dee fannen ech vill méi critiquabel un deem Gesetz hei - d'Upassung, déi d'Gesetz virhëlt, un deen neie schaarfe Wand an engem häerzlosen Uerdnungsstat, deen e bëssen iwwerall an Europa, an hei zu Lëtzebuerg besonnesch rau an engem gewësse Ministère bléist. Mme Ministesch, et ass net Ären onbedéngt!

Iwwerall nämlech an deene Gesetzer, déi hei solle geännert ginn, gëtt d'Ouverture vun de Rechter gebonnen - an dat ass nei - un d'Konditioun vun engem Permis de séjour. Dat heescht, dass d'Sans-papiers an Zukunft dovun ausgeschloss wäerte sinn. Dobäi hate mënschlech Riichter e Wee fonnt, op der Basis vun de Bestëmmungen iwwert den Domizil am Code civil, fir aus der effektiver Intentioun fir hei ze wunnen, op en effektiven Domizil ze schléissen, och wa keng Autorisation de séjour virléich, a folglech och keng Umeldung op der Gemeng geschitt wär. Déi Riichteren hunn esou eng Autorisation de séjour als eng reng Mesure de police qualifizéiert, déi de Code civil net kéint ausser Kraaft setzen, op dee sech dat Gesetz hei bis elo beruff huet.

Déi mënschlech Jurisprudenz gëtt elo iwwert de Wee vun dëser Chamber, op Drock vun der Administratioun, iwwert de Koup gehäit, an dat fanne mir e Skandal, deen zum Himmel sténkt.

Am Commentaire des articles gëtt kritiséiert, dass legal Allocatiounen dach net kéinte verdeelt ginn u Leit, déi sech an enger illegaler Situatioun befannen. Et gëtt ëmmer gesot an der Diskussioun iwwert d'Sans-papiers, "kein Mensch ist illegal". An och fir mech a fir déi Lénk ass e Mënsch net duerch e Pabeier ausgezeechent, deen en huet, mee doduerch, dass e lieft an dass en e Recht drop huet ze liewen, an dass seng konkret Situatioun gekuckt gëtt, an där e sech befënnt, a wann en hei zu Lëtzebuerg lieft an en huet Kanner, dann huet en och Recht op d'Kannergeld.

Drëtten Ulass, fir dat Gesetz hei ze maachen, an deen ass grad esou kritikabel, ass, menger Meenung no, de Wëlle vun der Administratioun net nëmmen e puer Verbesserunge virzehuelen, dat ass wuel och de Fall, mee och méi haart administrativ virzegoen. Ech wëll just ee Beispill nennen, wat mech besonnesch schockéiert huet. Bis elo war et esou, dass Leit, déi op eng fraudulös Aart a Weis falsch Angabe gemaach hunn iwwer hir Situatioun an d'Kannergeld fälschlecherweis kritt hunn, gestrooft gi sinn.

Elo kënnt nach dobäi, dass och Leit gestrooft ginn, déi vergiessen eng Deklaratioun ze maachen, wa se zum Beispill net méi an de Genoss vum Kannergeld dierfte kommen, an et gëtt virgesinn eng Amende d'ordre an deen Text anzeschréiwen, déi kann an der Héicht si vun deem, wat se zréckbezuele mussen. Ech wëll net kritiséieren, dass se mussen eppes zréckbezuelen, wa se net Recht op eppes haten, mee ech wëll kritiséieren, dass dann nach eng zousätzlech administrativ Strof, iwwert där hir juristesch Rechtfertegung een och nach kéint laang debattéieren, agefouert gëtt, déi esou flexibel ass, dass se bis zur Héicht vun deem ka goen, wat se dann ounideem nach mussen zréckbezuelen. An dobäi ass emol kee Recours en pleine juridiction virum Tribunal administratif virgesinn, fir dogéint ze kloen, wou jo dann hätt kéinte gekuckt ginn, wéi konkret d'Situatioun vun deene Leit ass, an eventuell eng onmënschlech Décisioun, déi geholl gi wier, erëm hätt kënne redresséiert ginn. Leider ass et esou an der Praxis, dass een oft mierkt, dass an den Administratiounen net grad de Wëlle virherrscht, fir mënschlech Décisiounen ze huelen. Ech wëll net all Beamten an net all Administratiounen an déi Kritik abezéien, mee et ass leider vill ze oft de Fall, dass dat esou gehandhaabt gëtt.

Ech wëll elo net hei nach weiderschwätzen iwwer verschidde Verbesserungen, déi och drastinn, wat zum Beispill d'Allocation d'éducation ugeet, wou jo bei multiple Gebuerten d'Period ausgedehnt gëtt, während där ee Recht dorobber huet. Et soll een awer net dobäi vergiessen, dass dat Gesetz am Fong geholl jo awer gemaach ginn ass, an dat war de Grondzuch vun deem Gesetz, wéi et gestëmmt ginn ass, fir haaptsächlech an der Praxis natierlech d'Fraen ze incitéieren, fir doheem ze bleiwen, am Konträr zu engem anere Gesetz, dat iwwert de Congé parental, wat op eng besser Manéier d'Beruffstätegkeet an d'Flichte vun der Kannererzéiung matenee verbënnt. An do gëtt erëm eng Bestëmmung dra gesat, dass wann déi zwee sech net eens sinn, dat ass meeschtens bei Scheedungen de Fall, wien dann elo de Congé parental soll als éischte beanspruchen, dass da gesot gëtt, da gëtt dee geholl, deen als éischten am Alphabet ass, wat ech eng absolut hirnrëssteg Approche fannen, well do gëtt jo awer wierklech net nom Interesse vum Kand gekuckt. Et misst jo awer d'Interesse vum Kand am Virdergrond stoen, mä duerno gëtt bei deem heite Fall net gekuckt.

Voilà, ech mengen, meng Zäit ass eriwwer. Et wier nach villes ze soen, mee ech wëll lech net weider belästegen.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo d'Familljeministesch, Mme Marie-Josée Jacobs.

**Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing fir d'éischt wëllen dem Här Paul-Henri Meyers villmools merci soen. Wann een esou e kompetente Rapporteur huet, dann ass et natierlech liicht, fir herno nach e puer Wierder ze soen, mee dann ass effektiv alles gesot, wat an deem Gesetz do drasteet.

Ech wëll awer och deenen anere Memberen aus der Kommissioun a selbstverständlech dem President e grousse Merci soen. Wann een déi Leit héieren huet, déi an der Kommissioun dra sinn, da mierkt een eigentlech, wat fir eng gutt Atmosphär do ass, an datt mer do net sou no deem kleng Karéierte kucken, mee datt mer probéieren ze kucken, wat am Interesse vun de Leit ass a wéi et am beschte fir jiddereen ass. An do gëtt net gesot, wann dat elo vun engem Rouden ass, dann ass et schlecht, wann et vun engem aus der Majoritéit ass, dann ass et gutt.

Esou fonctionnéiere mer, Gott séi Dank, net, an ech denken, datt dat eigentlech och déi Atmosphär, déi am Ufank heibanne wor, erëmgëtt, déi sech dann op eemol schlagaarteg geännert huet, a wou ee gemierkt huet, datt wéi déi zwee lescht Orateure geschwat hunn, wou deen een drop aus ass, fir méiglechst vill ze kontrolléieren a méiglechst streng ze sinn, an deen anere fonnt huet, datt mer esou géifen iwwerdreiwen, datt et onmënschlech wier, an datt Kalhäerzegkeet géing herrschen, géing ech d'Deputéierte froen, sech do eens ze maachen, an ze soen, wat se da mengen, wat an deenen dote Fäll dat Richtegt wier.

Ech wëll just e puer Wierder soen iwwert déi Bestëmmungen, déi dra sinn, wou ech fannen, datt et awer wichteg ass, datt mer gekuckt hunn, ouni ob ee matenee bestuet ass, wéi eigentlech d'Situatioun an de Familljen ass. Wa Kanner aus verschiddene Relatioune beienee sinn, da ginn déi och als Familljegrupp ugesinn, an da kréien d'Leit selbstverständlech deementspriechend d'Kannergeld, wat jo am normale Fall dozou féiert, datt dat méi héich ass, wéi wa jiddfer Kand eenzel géing gekuckt ginn. Dat muss een awer selbstverständlech der Kannergeldkeess matdeelen, well déi kënne jo net dreemen, wann zwee oder dräi Kanner mat verschiddenen Nimm do sinn, datt déi onbedéngt an därselwechter Famillje sinn, wat awer fir d'Keess net onbedéngt méi einfach ass.

En zweete Punkt, dee mer an dësem Gesetz aféieren, an dee fir mech perséinlech och wichteg ass, méi aus engem moralesche Grond, wéi onbedéngt doraus, datt d'Grousselteren och elo kënnen d'Kannergeld kréien, wann d'Kanner bei hinne liewen. Vill Grousseltere beschwéiere sech, datt se am Fong wéineg ze soen hunn, datt se wéineg respektéiert ginn, an datt net no hinne gekuckt gëtt, wou awer besonnesch a Fäll vu Scheedungen a vu Placementer vu Kanner, et dacks, mengen ech, grad esou gutt wier, wa se kënnte bei d'Grousseltere goen an och kënnten do bleiwen, wéi datt se soss éierewou hikommen.

Da wëll ech awer nach eppes soen iwwert de Complément différentiel, net iwwert de Complément selwer, dat ass hei gesot ginn, mee besonnesch wat den Här Jaerling gesot huet iwwert d'Kannergeldkeess, wou et net ëmmer esou evident ass, a wou et heiansdo och schwéier ass un déi Leit ze kommen. Mir sinn amgaang mat de Fransousen e bilateraalt Ofkommes ze maachen, a mir rechnen domat, datt mer et den 1. Januar 2003 och kënne maachen, woumat déi Komplikatiounen, wou mir bis elo ëmmer nëmmen den Ënnerscheed bezuelt hunn, bis elo awer alles konnte virbezuelen, an dann d'Keessen ënner sech verhandelt hunn an erëm ausrechent hunn, wéivill datt mer dann herno eventuell vun de franséische Keesse géifen zréckkréien, aus der Welt geschaaft ginn.

Déiselwecht Diskussioune sinn och amgaang mat deene belsche Keessen, wat erëm méi schwiereg ass, well dat op aneren Niveaue gefouert gëtt. Mir hoffen awer, datt mer dat och iergendwéi eng Kéier zu engem gudden Enn kréien. Mat Däitschland ass et quasi onméiglech, well dat zum Deel an deenen eenzelne Länner ass, zum Deel och nach op Gemengeniveau gefouert gëtt, an dat féiert natierlech dozou, datt et schwiereg ass an eenzel Dossieren dofir méi laang daueren.

Mir hunn an deene leschte Joren, dat heescht vun 1998 un, 21 zousätzlech Posten an der Kannergeldkeess bäikritt, fir eben ze kucken, datt dat alles méi séier soll goen, wéi et bis elo de Fall war. Dobäi si mir amgaang en neie Système informatique anzeriichten, an et ass ze hoffen datt domadder keng Pabeiere verluer ginn. An der Kannergeldkeess komme pro Dag tëschent 1.500 an 8.000 Piècen eran. Da kënnt Der lech virstellen, wat dat alles heescht a bedäit, esou dass ech, wéi gesot, hoffen, datt mat deem neie Système informatique dat dann och herno besser klappt.

Mir schafen de Prêt aux jeunes époux of. Ech mengen net, datt säit ech do sinn een dee kritt huet, an ech mengen och, datt een heiansdo muss de Courage hunn, wann eppes net fonctionnéiert, fir et ofzeschafen. Dat dréit dozou bäi, fir Vereinfachungen ze maachen, an ech si frou, datt d'Kommissioun dat och esou gesinn huet.

Wat d'Allocation de rentrée scolaire ugeet, hu mer fonnt, datt déi, wann de September kee méi an d'Schoul geet, och net méi geschëlt wier. Och do sinn ech dankbar, datt dat vun der Kommissioun d'selwecht gesi gouf. Déi Verbesserungen, déi dra sinn, an den Här Lux huet dat och gesot, sinn awer fir eng Partie vun deenen Elteren, déi kënnen dovunner profitéieren, ech denken un de Congé parental an un d'Allocation d'éducation, wichteg.

Mir hu mëttlerweil iwwer 12.000 Leit, déi vum Congé parental profitéiert hunn, wat sécher eng ganz Mass ass, wat net jidderee sech erwaart hattt a wou mer elo einfach soen, et ass d'Recht vum Kand an et ass net méi dee finanziellen Ausgläich, deen do gemaach gëtt, wou een also pro Kand sechs Méint als Elteren, als Papp an als Mamm, zegutt huet an net wéi bis elo, wou dat fir Zwillingen aacht Méint woren an och bei Kanner, déi adoptéiert woren, an datselwecht bei der Allocation d'éducation, déi vun zwee op véier Joer eropgeet.

Et kann ee sech selbstverständlech driwwer ameséiere wéi dat geet, wann d'Elteren net eens ginn, wien dann d'Recht kritt a wien als éischten dee Congé parental soll kréien. Ech wollt dem Här Urbany soen, datt am Projet dra wor, datt d'Mammen d'Recht hätten, fir als éischt drun ze kommen, an datt do gesot gouf, dat wier géint d'Egalitéit vu Männer a Fraen. Dunn huet d'Regierung proposéiert, de Buschtaf aus dem ABC ze huelen. De Conseil d'Etat huet proposéiert den Eelsten ze huelen. Mir hu fonnt, datt dat vläicht manner geschlechterneutral wier, wéi de Buschtaf am ABC. Mee vläicht fënnt nach een eng aner Iddi, déi nach méi witzeg ass, fir dat ze regelen, mee wéi gesot, ech mengen alt emol, datt

wann d'Leit sech ëmmer esou géinge Gedanke maachen iwwert d'Chancëgläichheet wéi an deem heite Fall, da bräicht ech iwwerhaapt net méi als Ministère an als Minister ze existéieren. Mee et ass ganz echt, esoubal wéi iergendeen halwe Millimeter changéiert, wou d'Männer mengen, si géingen iergendwou benodeelegt ginn, da si se um Qui-vive. Dat ass wierklech eppes, wat erstaunlech ass.

***(Interruptions diverses)***

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Ech schwätzen nach dozou.

***(Interruptions diverses et hilarité)***

**Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Hei an der Chamber, Här Bodry, mä dobaussen ass et eng Majoritéit.

**M. Lucien Lux** *(LSAP)*.- An der Kommissioun huet kee Mann gemeckert.

**Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Dat ass och gutt esou, an dofir soen ech, d'Kommissioun ass eng aussergewéinlech. Dat si se net alleguer.

Zum Schluss wëll ech awer soen, datt ech besonnesch fir dee Punkt, op deen d'Mme Wagener higewisen huet, frou sinn, dass mer endlech déi legal Basis fir déi Konsultatioune bei den Hiefamme schafen. Dat ass e bëssen d'Seeche vun der rouder Geess, wat esou laang gedauert huet, datt et elo eng Kéier Zäit gëtt, datt et eriwwer ass an datt mer et kënnen aféieren, fir domadder de Fraen d'Méiglechkeet ze ginn Hiefammen ze konsultéieren an datt se net méi just eleng drop ugewise sinn, fir bei Dokteren ze goen an datt se dat och zréckbezuelt kréien. Dat gëtt iwwert de Statsbudget bezuelt, wéi alles wat d'Maternité ubelaangt, och wann et vun de Krankekeesen ausbezuelt gëtt a wéi gesot, de Minister vun der Santé ass hei, deen, denken ech, och herno d'Geleeënheet kritt, fir ze soen, wéi wäit déi Reglementer do sinn.

Den Här Lux huet op zwee wichteg Punkten opmierksam gemaach. Dat eent ass d'Revisioun vum Congé parental, wou mer am Laf vun de Jore gekuckt hunn, wéi dat sech entwéckelt, a wéi gesot, ech sinn eigentlech positiv iwwerrascht, wéivill Leit dovu Gebrauch maachen. Mir hunn am Moment eng Etüd am Lafe mat der KPMG, fir ze kucken, wat dat doten ausgemaach huet bei de Männer a bei de Fraen, well et och Chancëgläichheet ass a well mer jo do och soen, datt esou gutt deen ee wéi deen aneren, an net nëmmen d'Fraen, dovunner solle profitéieren. Dofir ass dee Congé och net transférabel vun engem op deen aneren.

Dir wësst, datt mer am Laf vun de Joren ëmmer déi Diskussioune gefouert hunn am Comité permanent pour l'Emploi, mee datt ee selbstverständlech, wann et zu gréissere Changementer kënnt, gäre bereet ass aner Gespréichspartner mat an d'Boot ze huelen an deenen hir Erfahrungen anzehuelen. Ech denke besonnesch un déi Servicer vun de Fraen, Servicer, déi et esou gutt zu Beetebuerg, wéi och zu Suessem gëtt, an och datt déi Propositioun oder déi Iddi, déi Der hutt, fir d'Allocation d'éducatioun mat ze diskutéieren an och ze kucken, ob et nach richteg ass, wéi se elo fonctionnéiert, oder ob een déi sollt changéieren. Ech denken, datt dat eng gutt Propositioun ass, där ee soll Rechnung droen, fir ze gesinn, wéi een dat, wann een et ännert, kënnt änneren.

D'Etüd iwwert d'sozial Transferten ass fäerdeg. Déi wäert an engem vun deenen nächste Conseils de Gouvernement um Ordre du jour stoen, esou datt ech denken, wann d'Chamber dat fir wichteg a richteg ëmfënnt - dat ass jo net meng Décisioun -, datt een um Ufank vum nächste Joerr se sécher kënnt emol fir d'éischt an der Kommissioun virstellen. An dann ass et un Iech, fir ze décidéieren, wat duerno domadder geschitt, ob mer dat am Plenum maachen oder wéi dat da geet. Wéi gesot, dat ass net meng Décisioun, mee ech si selbstverständlech bereet, fir déi Diskussioun mat deene Leit, déi dat interesséiert, ze féieren.

Zum Ofschloss wëll ech just soen, well den Här Krecké gemengt huet, mir hätten eppes ze fäerten oder eppes ze verstoppen, dat hu mer héchstens wa mer dat alles e bësse méi labber uwenden, wéi den Här Urbany et eigentlech gären hätt. Ech gesinn, dass och Vertrieder aus der Sécurité sociale an aus der Inspektioun haut de Mëtteg hei sinn. Ech hu kee Problem dermat, datt all Mënsch streng a gerecht kontrolléiert gëtt a wann och d'Cour des Comptes dohinner kontrolléiere kënnt, esou gutt wéi se och elo kontrolléiere koum an de Fonds de Solidarité. Mir hunn einfach fonnt, datt et zu engem Deel double emploi wär, wann een zu där enger Säit kontrolléiert, mee wéi gesot, wann eppes aneschtes do kontrolléiert gëtt a wann dat dozou bäidréit, datt d'Chamber dann d'Kontroll doriwwer huet, dann ass dat fir mech kee Problem.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, sinn ech ganz frou, wann Der haut de Mëtteg dat Gesetz stëmmt, well domadder eng Rei vu Leit Verbesserunge kréien an op där anerer Säit eng Rei vu Klorheeten an déi Texter erakommen, wat sécher och deene Leit, déi domadder musse schafen, d'Liewe méi liicht mécht.

Merci villmools.

d'Chamber online op

ww.chd.lu

**M. le Président**.- Den Här Lucien Weiler freet d'Wuert.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Här President, wann den Här Krecké erlaabt, well hien déi Fro opgeworf huet vum Contrôle, deen hei gemaach gëtt. Den Här Meyers huet ëm schonn op seng Froe geäntwert. Et gëtt dräi verschidde Contrôlen. Et gëtt éischtens e Contrôle vun der Regierung, et gëtt e Contrôle vun der Inspectioun générale de la Sécurité sociale an et gëtt e Contrôle vun der Cour des Comptes. Esou wéi d'Cour elo de Fonds de Solidarité kontrolléiert huet, ka se och d'Keess kontrolléiere goen.

Wann an deem alen Text eng Dispositioun dra stong, wou déi fréier Chambre des Comptes d'Méiglechkeet hat, fir d'Keess ze kontrolléieren, da war dat eng Dispositioun, déi u sech ëmmer lettre morte war. Éischtens huet déi fréier Chambre des Comptes ni e Contrôle gemaach, an zweetens gëtt et och gutt Ursaachen, firwat si kee Contrôle gemaach huet, well hei am Text dra steet, et misst e Règlement grand-ducal geholl ginn driwwer, wéi dee Contrôle da géif effektuéiert ginn. Or, dee Règlement grand-ducal ass ni geholl ginn, esou datt et iwwerhaapt keng Regele goufen, no deenen déi fréier Chambre des Comptes hätt kënne kontrolléieren, an et ass och vläicht dat d'Ursaach, firwat datt se ni e Contrôle gemaach huet.

Well also déi Dispositioun hei u sech lettre morte war an ni applizéiert ginn ass, gëtt et keng Ursaach, fir se net ofzeschafen, well mer op där anerer Säit de Contrôle vun der Cour des Comptes iwwert déi Dispositiounen, déi am Gesetz vun der Cour des Comptes dra sinn, garantéiert hunn, a wéi gesot, esou wéi de Fonds de Solidarité kontrolléiert ginn ass, kann och d'Keess kontrolléiert ginn, niewent deenen zwee anere Contrôlen, déi do si vun der Regierung a vun der Inspectioun générale de la Sécurité sociale.

Dräi Contrôlen, Här Krecké, ech mengen, dat misst duergoen, da kënnt een eng Dispositioun, déi lettre morte bliwwen ass, als superfétatoire ugesinn an déi sträichen.

**M. le Président**.- Den Här Jeannot Krecké huet d'Wuert gefrot.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Also, ech huelen Akt dovun, dass déi Leit, déi elo d'Wuert heizou geholl hunn, souwuel d'Ministesch wéi och de Vertrieder vun enger vun de Majoritéitsparteien, zumindest d'accord sinn, dass Etablissements publics, déi en däeraartege Concours financier kréien, wéi dat hei de Fall ass, dem Contrôle parlementaire ënnerstinn. Doriwwer eraus muss de Contrôle parlementaire en Outil hunn. Deen eenzegen, dee mer do hunn, dat ass d'Cour des Comptes.

Ech ginn also dovunner aus, dass éischtens garantéiert ass, dass si laut den Aussoen dat kënne maachen, an zweetens, dass dat e Faux-pas war leschten Dënschdeg, wou nämlech genau deen Text, ech wëll Iech dat nach eng Kéier an Erënnerung ruffen, aus dem Gesetz vun der Cour des Comptes dohinner geschriwwe ginn ass, an dat net, wéi gesot gi war, eng grouss Avancée ass.

Wa mer eis eens sinn, dass déi Etablissements publics alleguerten dem Contrôle vun der Cour des Comptes ënnerstinn, dann hunn ech kee Problem. Mee da passe mer an de Kommissiounen och drop op, dass dat an Zukunft dra stoe bleift an dat an Zukunft preziséiert gëtt, wann et net preziséiert ass. Well bei der Concertshal ass preziséiert, dass e gudden Deel vum Contrôle net méi assuréiert ass. Ech wëll Iech dat just soen. Hei ass dat vläicht net de Fall, well de Concours financier bal total ass.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4867 a stëmmen doriwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 6 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwert de Gesetzesprojet of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet de loi si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi 4867A ass mat 54 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm an enger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Hasldorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Lucien Clement), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung).*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. John Schummer), Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach.*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Steheres. MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.*

*A voté non: M. Serge Urbany.*

*S'est abstenu: M. Jeannot Krecké*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4928, e Sozialofkommes mat Slowenien. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Lux, Bausch an Urbany.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Niki Bettendorf.

## 3. 4928 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Slovénie en matière de sécurité sociale, signée à Ljubljana, le 1er octobre 2001

***Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale***

**M. Niki Bettendorf** *(DP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll Iech a kuerze Wierder d'Konventioun virstellen, déi Lëtzebuerg mat Slowenien a puncto Sécurité sociale ofgeschloss huet. Den Haaptbut vun der neier Konventioun ass eng al Konventioun mat der fréierer Republik Jugoslawien, déi säit 1954 bestong, duerch e modernt an adequat Ofkommes ze ersetzen. Et ginn d'Rechter regléiert vu Persounen, déi, successiv oder alternativ, Législatioune vun den zwee ënnerzeechende Staten ënnerlouchen.

D'Konventioun geet ganz wäit. Et geet ëm d'Assurance maladie a Maternité, d'Assurance accident du travail et maladie professionnelle, d'Iwwerliewensrent, de Chômage an d'Prestations familiales. Net abegraff ass d'Assistance sociale an d'Prestatioun fir Krichsaffer.

Esou, wéi mer et bei de leschte bilaterale Konventioune gemaach hunn, gi mer méi wäit wéi de Règlement communautaire 1408/71, dee vun der Nationalitéit vun de Bierger ausgeet, déi an deem engem oder anere Land sozial verséchert sinn.

Ons Konventioun bezitt sech op all Bierger, egal vu wat fir enger Nationalitéit, wa se an deem engem oder anere Land sozial verséchert sinn. De Prinzip ass deen, dass d'Gesetzgebung vun deem Land ausschlaggebend ass, wou ee schafft. Fir d'Matrouse gëllt de Pavillon maritime. Et gëtt och Dérogatioune fir d'Aarbechter, déi détachéiert goufen op den Territoire vun engem anere Land, awer limitéiert a sengem Objet an an der Zäit. Et bléift een do verséchert, wou een normal schafft. D'Dauer ass ee Joer, mat enger méiglecher Verlängerung vun engem weidere Joer.

Bei de Chaufferen am Transportwiesen ass dat Land zoustänneg, wou d'Firma hire Sëtz huet. Zu de Pensioune kënnt ech nach ernimmen, dass et eng Dispositioun gëtt, wat den Erhalt vu Pensiounsrechter ubelaangt. Wann en Aarbechter an engem Drëttland geschafft huet, a wa Lëtzebuerg esouwuel wéi Slowenien mat dësem Land bilateral oder multilateral Instrumenter hunn, wat d'Totalisatioun vun de Pensiounsrechter ubelaangt, esou kënnt de Schaffenden an de Benefiss vun de ganzen Assuranceperioden.

Weider ernimmen ech nach dräi Particularitéiten, déi e bëssen anescht si wéi de Règlement communautaire.

1. An der Europäescher Unioun ass d'Chômagegeld net exportabel, awer de Chômeur ka sech an engem anere Land ëm eng Aarbecht beméien. Fir eis hei gëllt dës Dispositioun net.

2. Déi geschëlte Prestations familliales sinn déi, déi am Land virgesi sinn, wou d'Kanner wunnen.

3. Aus Réciprocitéitsgrënn sinn d'Prestatioune vum Congé parental exportabel.

Zum Schluss ass ze soen, dass heimat déi Konventioun mat deem ale Jugoslawien abrogéiert gëtt. Ze soen ass och nach, dass während dem Biergerkrich keng Suen iwwerwise gi si vu Lëtzebuerg no Ex-Jugoslawien, fir net de Krich ze finanzéieren.

De Conseil d'État huet zu dësem Projet de loi keng Observatioune formuléiert. D'Chamberkommissioun huet de schréftleche Rapport eestëmmeg guttgeheescht. Am Klortext heescht dat, dass ech hoffen, dass Der alleguer dëse Projet stëmmt. Ech bréngen zur gläicher Zäit den Accord vun der demokratescher Fraktioun hei am Parlament.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Di Bartolomeo.

***Discussion générale***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Här President, ech bréngen am Numm vun eiser Fraktioun den Accord zu dësem Projet de loi.

Merci.

**M. le Président**.- Den Här Jean-Marie Halsdorf huet d'Wuert.

**M Jean-Marie Halsdorf** *(CSV).*- Här President, et ass selbstverständlech, dass de schréftlechen a mëndleche Rapport vum President vun der Kommissioun excellent ass an d'CSV och hiren Accord dozou gëtt.

**M. le Président**.- Den Här Jacques-Yves Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Här President, ech wollt och den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Minister Carlo Wagner.

**M. Carlo Wagner**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, ech wäert mech ganz kuerz faassen. Ech mengen, de Rapporteur huet et scho gesot, dass dat heiten en fait eng Konventioun ass, déi ganz einfach déi fréier Konventioun mat Ex-Jugoslawien ersetzt. Si schreift sech och, géif ech soen, an den Aménagement général vun den Accords bilatéraux an, esou wéi mer se bis elo an der Vergaangenheet ëmmer mat deenen anere Länner ofgeschloss hunn, esou dass et näischt Extraordinäres ass vis-à-vis vun deene Mesuren, déi mer bis elo egraff hunn.

Ech wëll am Viraus all deene merci soen, déi deem heite Projet de loi wäerten zoustëmmen.

Merci.

**M. le President**.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen doriwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi 4928 ass eestëmmeg mat 55 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Hasldorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mmes Marie-Josée Meyers-Frank, Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung).*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. John Schummer), Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach.*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Steheres. MM. Mars Di Bartolomeo, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Mars Di Bartolomeo), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4935, e soziaalt Ofkommes mat Island. Et hu sech ageschriwwen: d' Häre Lux a Bausch.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Niki Bettendorf.

## 4. 4935 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Islande sur la sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 30 novembre 2001

***Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale***

**M. Niki Bettendorf** *(DP), rapporteur.*- Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de mëndleche Rapport, wat d'Konventioun mat Island ubelaangt, gëtt e gutt Stéck méi kuerz wéi de Rapport, deen ech elo grad virgedroen hunn iwwer Slowenien, betreffend eist Ofkommes.

D'Konventioun mat Island ass den 30. November 2001 ënnerschriwwe ginn. Säit der Entrée en vigueur vum Espace économique européen ass déi al Konventioun, déi mir mat Island haten, hifälleg ginn. Dofir kënnt an d'Plaz déi europäesch Direktiv 1408/71. Dës Direktiv ass ee Koordinatiounsinstrument a puncto Regimer vu Sécurité sociale fir d'Salariéen an d'Fräiberuffler, d'Travailleurs nonsalariés an d'Membere vun hirer Famill aus der Communautéit. Si applizéiert sech op eis Relatioune mat Island.

Eis Konventioun geet méi wäit wéi d'Direktiv, déi ech elo grad ugeschwat hunn. Eis Konventioun bezitt sech op all Bierger mat hire Familljen, egal vu wat fir enger Nationalitéit, wa se an deem engen oder anere Land vun der Europäescher Unioun oder dem Espace économique européen sozial verséchert sinn.

Weider wëll ech nach op den Artikel 5 vun der Konventioun hiweisen. Hei ginn d'Konditioune fixéiert betreffend d'Applikatioun vun der nationaler Législation en matière d'admission zur fräiwëlleger oder fakultativer Assurance continue.

De Conseil d'Etat huet och zu dësem Projet keng Objektiounen. Domadder sinn ech schonns fäerdeg mat der Virstellung vun dësem Projet. Ech wëll zur gläicher Zäit den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei hei iwwerbréngen. Ech soen lech nach eng Kéier merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président**.- Freet een d'Wuert? Den Här Jean-Marie Halsdorf.

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV).*- Ech bréngen den Accord vun der CSV.

**M. le Président**.- Den Här Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Här President, ech wollt och den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

**M. le Président**.- Den Här Mars Di Bartolomeo huet d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Mir mengen, dass alles gesot ass, an dofir kënne mer eis drop beschränken, fir den Accord vun eiser Fraktioun ze ginn. Merci.

**M. le Président**.- An den Här Minister wäert och d'accord sinn?

**M. Carlo Wagner**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech weess net wéi Der et geroden hutt, Här President, mee Dir leit richteg.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Hasldorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung).*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. John Schummer), Marco Schroell (par Mme Maggy Nagel), John Schummer et Théo Stendebach.*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Steheres. M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean Asselborn), MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Mars Di Bartolomeo), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen,) Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4795 iwwert d'Konventioun Eurocontrol. Et si schonn ageschriwwen: den Här Jung, d'Mme Delvaux an den Här Bausch. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Agny Durdu.

## 5. 4795 - Projet de loi portant approbation

**- de l'Acte final de la Conférence diplomatique sur le Protocole coordonnant la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne "Eurocontrol" du 31 décembre 1960 suite aux différentes modifications intervenues**

**- du Protocole coordonnant la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne "Eurocontrol" du 13 décembre 1960 suite aux différentes modifications intervenues**

**- du Protocole additionnel concernant le passage du régime de l'Accord multilatéral relatif aux redevances de route du 12 février 1981 au régime des dispositions pertinentes de la version coordonnée du texte de la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne "Eurocontrol" amendée à Bruxelles en 1997, y compris son Annexe IV, signés à Bruxelles, le 27 juin 1997**

***Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports***

**Mme Agny Durdu** *(DP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi, deen eis virläit, geet et ëm Folgendes:

Et gehéiert zu der Missioun vun engem Service de navigation fir d'Sécherheet e regelméissegen Offloss vum Fluchverkéier an en effikasse Fluchverkéier ze organiséieren. Déi international Staten hate relativ séier erausfonnt, datt een do besser hätt, vu datt den Himmel jo net méi grouss gëtt, och wann d'Fligere méi zahlräich ginn, fir relativ fréi mateneen ze schaffen - wat och 1960 gemaach ginn ass -, a wou eng international Konventioun ënnerschriwwe ginn ass, déi Eurocontrol heescht, Gesellschaft, déi dann an d'Liewe geruff gouf a geschafft huet.

Eurocontrol hätt kënnen zënter 1960 am Fong geholl d'Missiounen iwwerhuele fir de Fluchverkéier ze organiséieren an och ofzesécheren an alle Fluchhéichten, fir dat elo emol esou auszedrécken. An der Realitéit huet sech awer erausgeschielt, datt d'State relativ retizent woren, fir an deem méi niddrege Fluchberäich hir staatlech Kompetenzen ofzeginn, an datt am Fong geholl Eurocontrol éischter an deene méi héije Fluchniveaue present war.

Aus där Evolutioun, an aus der Retizenz vun de Staten eraus, ass et dunn esou gewiescht, datt Eurocontrol sech éischter organiséiert huet, fir Recherche a Koordinatioun ze maachen, mee datt se um Terrain selwer, wat d'Flugsécherheet ugeet, sech manner engagéiert huet.

Au vu awer vun deene leschte Joren, wou ee festgestallt huet, datt de Flugverkéier definitiv ëmmer méi zougeholl huet, den Himmel awer net méi grouss gëtt, dann och Retarde komm sinn an d'Problemer mat der Sécherheet ëmmer méi akut goufen, oder ëmmer méi akut hätte kënne ginn, hunn d'Staten deementspriechend décidéiert, Eurocontrol nach eng Kéier ze analyséieren an hinnen nei Kompetenzen ze ginn. Nei Kompetenze vläicht net an deem Mooss, well et huet jo am Fong geholl ewell d'Méiglechkeet bestanen, mä et huet ee mussen Eurocontrol och esou ausbannen, datt Eurocontrol effektiv um Terrain ka schaffen. Also huet Eurocontrol mussen eng aner juristesch Konsistenz kréien, wat dann duerch déi dräi international Texter, déi mer haut sollen aviséieren an ofstëmmen, geschitt, Texter, déi mir dann an eis legislativ Gesetzestexter iwwerhuelen.

Deementspriechend huet Eurocontrol elo eng Assemblée générale, wou d'Transportministere siégéieren, e Conseil, wou déi national Direktere vun den Aviations civiles siégéieren, a wou och eng Agence existéiert, déi ënnert d'Autoritéit vun engem Directeur général kënnt, Agence déi dann autonom géréiert.

Dat ass de Wonsch, dee mat dësen dräi Akten ausgedréckt gëtt. Et ass elo méiglech, datt Eurocontrol Décisioune hëlt, wou keng Unanimitéit méi muss sinn, mee wou mat der Majoritéit kënnen Décisioune geholl ginn, a wou dann och Eurocontrol kann direkt vill méi aktiv um Terrain agéieren. Ech mengen, net zulescht bei den Evénementer vum leschte Joer si mir eis alleguer bewosst ginn, datt mer eng Instanz brauchen, déi effektiv um Terrain ka schaffen, an datt d'Zesummeschaffe vun deene 27 Staten, déi sech engagéiert hunn, eng Nécessitéit ass.

Ech wollt just nach eng Kéier hei am Plenum drop hiweisen, datt am Artikel 40 virgesinn ass, datt och regional Unioune kënnen dësem Gremium bäitrieden, a gemengt ass domadder d'Europäesch Unioun, déi viraussiichtlech kann Eurocontrol bäitrieden, wa se dat wënscht.

An der Kommissioun hu mer dës Texter analyséiert. De Projet de rapport ass gestëmmt ginn, an ech géif och de Plenum bieden, dëser Konventioun zouzestëmmen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren, an ech wollt soen, dass ech den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

**M. le Président**.- Als éischte Riedner ass den Här Ady Jung agedroen. Den Här Jung huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Ady Jung** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 4795 handelt et sech ëm dräi Konventiounen, déi a Lëtzebuerger Recht iwwerholl musse ginn an déi allen dräi den Eurocontrol betréffen. Et ass eng Tatsaach, datt d'Fligerei ëmmer méi zouhëlt, sief dat fir Persounen oder Wuerentransporter. Wouer ass leider och, datt op dësem Gebitt ëmmer méi Problemer entstinn, woubäi virun allem d'Sécherheet vun deenen, déi an de Fligere sëtzen, awer och d'Sécherheet vun deenen, déi um Buedem Affer vun enger Flugkatastrof kéinte ginn, deen héchste Stellewäert muss kréien.

Wann een haut ëmmer méi den haarde Konkurrenzkampf vun de Fluggesellschaften erlieft, déi mat Bëllegflich ëm d'Gonscht vun de Leit, déi wëlle reesen, rivaliséieren, da muss een desto méi drop halen, datt streng Sécherheetsvirschréfte méi wéi jee kontrolléiert ginn, an datt net op der falscher Plaz gespuert dierf ginn.

D'Mme Agny Durdu huet mat hirem gudde schréftlechen, wéi och mëndleche Rapport heizou all Eenzelheeten erkläert, woufir ech hir am Numm vun der CSV-Fraktioun merci soen.

Ofschléissend Här President, wëll ech och am Numm vun der CSV-Fraktioun matdeelen, datt mir eis Zoustëmmung zu dësem Projet wäerte ginn. Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président**.- D'Wuert huet d'Mme Mady Delvaux-Stehres.

**Mme Mady Delvaux-Stehres** *(LSAP).*- Här President, wéi mäi Virriedner gesot huet, d'Sécherheet am Espace aérien ass e wichtege Faktor, an et ass ze hoffen, dass dës Konventioun Eurocontrol zur Sécherheet bäidréit. D'Mme Rapporteur huet en excellente Rapport gemaach an ech hunn deem och näischt bäizefügen. Ech wëll am Numm vun der sozialistescher Fraktioun den Accord ginn.

Just eng Fro un de Minister. Dir kënnt eis vläicht informéieren, wéi wäit et ass mam Bäitrëtt vun der Europäescher Unioun zu Eurocontrol, wat jo eng laang Kontrovers war, an et wär interessant fir dëse Plenum ze wëssen, wéi wäit dass et mat deem Problem ass? Merci Här President.

**M. le Président**.- Den Här Fernand Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen** *(ADR)*.- Här President, ech wëll just am Numm vun der Fraktioun vum ADR den Accord zu dësem Projet ginn. Ech wëll och menge Virriedner merci soen, déi all déi néideg Erklärunge ginn hunn. An der Kommissioun ass iwwert d'Detailer diskutéiert ginn, esou dass ech soss näischt méi brauch dozou ze soen. Merci.

**M. le Président**.- Den Här François Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, och mir stëmmen dëse Projet.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Transportminister Henri Grethen.

**M. Henri Grethen**, *Ministre des Transports*.- Merci Här President, merci de Membere vun der Chamber, fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Text. D'Regierung géif hoffen, dass all déi Projeten, déi se an d'Chamber erabréngt, esou eng breet Zoustëmmung géinge fannen.

Wat d'Fro vun der Mme Delvaux ugeet, däerf ech soen, dass den 8. Oktober vun dësem Joer déi 31 Membere vun Eurocontrol zesumme mat der europäescher Communautéit e Protocole d'adhésion op enger Conférence diplomatique zu Bréissel ënnerschriwwen hunn, an dass elo natierlech d'Ratifikatiounsprozedur muss ulafen.

Merci.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4795 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

**M. le Président**.- Mir stëmmen of iwwert dee virleiende Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4795 ass eestëmmeg mat 57 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Emile Calmes), Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Alexandre Krieps), Marco Schroell (par Mme Maggy Nagel), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean Asselborn), MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Mars Di Bartolomeo), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer un de leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung. Do hu mer e second Vote constitutionnel vum Projet de loi 4790, eng Direktiv iwwert d'Ausübung vum Beruff vum Affekot.

Dëse Projet de loi ass an der Sitzung vum 3. Juli 2002 am éischte Vote constitutionnel ugeholl ginn. Esou wéi et am Artikel 73 (1) vum Chamberreglement festgehalen ass, mussen tëschent dem éischte Vote an dem second vote constitutionnel mindestens dräi Méint leien. Mir mussen nach eng Kéier driwwer befannen an ofstëmmen.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

## 6. Projet de loi 4790 portant transposition en droit luxembourgeois de la Directive 98/5/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 février 1998 visant à faciliter l'exercice permanent de la profession d'avocat dans un Etat membre autre que celui où la qualification a été acquise et portant:

**1. modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;**

**2. modification de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés**

***Rapport de la Commission juridique***

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur*.- Här President, aus enger leschter Sëtzung vun der Commission juridique huet sech erginn, datt d'Fronten an d'Argumenter fir oder géint dëse Projet de loi säit dem 3. Juli, also säit dem éischte Vote, déiselwecht bliwwe sinn an dofir kënne mer direkt ofstëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Den Här Alex Bodry huet d'Wuert.

***Discussion générale***

***(Interruptions diverses)***

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Här President, dat ass dem Rapporteur säi Recht, fir net Stellung ze bezéien.

Ech géif zwar mengen, dass mer et hei mat engem an eisen Institutiounen net esou alldeegleche Virgank ze dinn hunn, dass de Conseil d'Etat e Gesetzesprojet net vum second Vote constitutionnel entbënnt. Dat kënnt vläicht an der Moyenne eng Kéier an enger Sessioun vir. Dofir mengen ech, dass een déi dote Fro awer net elo soll à la va-vite, wéi iergendwellech Konventiounen hei behandelen.

Ech géif gären e puer Wuert am Numm vu menger Fraktioun zu deem Projet do soen, wéi et jo virgesi war, mengen ech. Wa kee vun der CSV schwätzt, géif ech vläicht dervu profitéieren, fir e puer Bemierkungen unzebréngen.

Fir d'éischt emol fir festzestellen, dass deen Délai de réflexion, deen d'Verfassung virgesäit tëschent dem éischte Vote an dem zweete Vote constitutionnel eigentlech, a mengen Aen, net richteg genotzt ginn ass, fir sech mol eng Kéier mat de juristeschen Argumenter auserneen ze setzen.

Ech hunn d'Debatten nach eng Kéier nogelies, wéi se hei am Juli gefouert gi sinn. Do sinn, mat Ausnahm vum Rapporteur, haaptsächlech faktesch Argumenter hei virbruecht ginn, déi sech op d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg beruffen. Mee mir hunn et hei, well et sech ëm d'Transpositioun vun enger Direktiv handelt, net mat engem Projet ze dinn, wou mir kënne fräi décidéieren als Lëtzebuerger Parlament, wat mer da gäre géife maachen. Mir mussen europäescht Recht korrekt an eis national Législatioun ëmsetzen.

Mir sinn als sozialistesch Fraktioun der Meenung, dass déi Argumenter, déi de Statsrot opgeworf huet a senge séllegen Avisen, net vun der Hand ze weise sinn. Mir sinn nach eng Kéier bestätegt ginn duerch e schréftleche Beitrag, dee geleescht ginn ass vun enger Associatioun. Ech weess net, wéi repräsentativ dass déi Associatioun vun europäeschen Affekoten hei zu Lëtzebuerg ass. Et schéngt sech ëm däitschsproocheg Affekoten ze handelen, déi nach eng Kéier op eng Rei vu juristeschen Argumenter agaange sinn.

Also nach eng Kéier, fir kloer ze maachen: Hei kann een net argumentéieren, wéi mir eis hei zu Lëtzebuerg den Affekoteberuff an d'Protektioun vum Consommateur am Absolute géifen am Justizberäich am léifsten ausmolen a virstellen, mee et geet drëm, dass mer eng Direktiv, géint déi Lëtzebuerg prozesséiert huet, wou Lëtzebuerg Prozesser verluer huet, korrekt ëmsetzen.

Wa mer dat net maachen, da gëtt Lëtzebuerg veruerteelt mat all deem, wat vläicht dorunner hänkt. Dat ka jo och bis zu Schuedensersatz goen, deen de Lëtzebuerger Stat muss am Eenzelfall a vläicht esouguer fir d'Gemeinschaft bezuelen, wann déi europäesch Gesetzgebungen net korrekt an d'Nationalrecht ëmgesat ginn.

Eis Meenung ass, dass mer deen dote Risiko net solle goen. Well fir mech grenzt et wierklech bis un d'Sécherheet zu 100% erun, dass, wann de Projet nach eng Kéier esou gestëmmt gëtt, wéi en an der éischter Lecture hei vun der Chamber gestëmmt ginn ass, dann dat Gesetz do net laang wäert bestoe bleiwen, dass et beim éischte Prozess virun europäesche Geriichter gekippt gëtt, dass mer dann nach eng Kéier mussen als Chamber zréckkommen, fir nach eng Kéier deen doten Text nozebesseren.

Mir sinn der Meenung, dass mer, och opgrond vun dem Délai de réflexion, deen eis Prozeduren eis gi bei dem zweete Vote constitutionnel, sollten zréckkommen op den éischte Vote, dass mer sollten agesinn, dass deen Text, deen de Conseil d'Etat proposéiert, eigentlech de richtege Wee ass.

Tout au plus, dat huet meng Fraktioun jo och bei den Debatten am Juli kloer gemaach, kéint ee probéieren, vläicht géif eng kleng Chance vu Réussite bestoen, wann e sech géif konzentréieren op d'Franséischt. Wann ee géif soen, et ass méiglech en Test am Franséischen deenen Affekoten hei ze imposéieren, déi am Ausland hir Ausbildung gemaach hunn an déi wëllen zu Lëtzebuerg excercéieren, well eben d'Franséischt d'Sprooch vun eise Gesetzer ass an eigentlech och d'Sprooch vun eise Geriichtsprozeduren ass. Mee ze verlaangen, dass ee muss déi dräi Sproochen hei kennen, dass ee muss Tester muss passéieren zu Lëtzebuerg am Franséischen, am Däitschen an am Lëtzebuergeschen, dat kann een zwar vertrieden als Lëtzebuerger, mee net am Kader vun enger Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv, déi op Fräizügegkeet ausgeriicht ass an déi de Prinzip vun der libre circulation vun den Travailleuren héich hält, an et geet drëm, fir deen an deem konkrete Fall hei ëmzesetzen.

Also mengen ech, dass et net drëm geet, fir dat ze maachen, wat jidderee vläicht am léifste géif maachen, mee et geet drëm dofir ze suergen, dass mer eisen Eed och respektéieren, d'Gesetzer ze respektéieren, da musse mer och selbstverständlech d'europäescht Recht respektéieren, an dat zerguttst an eis national Législatioun ëmsetzen, ouni d'Kollektivitéit dem Risiko vu Schuedensersatz auszesetzen, well da wëllt jo natierlech keen d'politesch Verantwortung iwwerhuelen, wann et sollt zu deem dote Schrëtt kommen.

Ech kann also nëmmen dat widderhuelen, wat eise Spriecher zum Ofschloss vu senger Interventioun gesot huet den 3. Juli: Mir sinn der Meenung, dass den Text, wéi e virläit a wéi en an der éischter Lecture gestëmmt ginn ass, d'Beispill ass vun enger Aarbecht, déi d'Lëtzebuerger Legislatur net propper mécht, well d'Majoritéit parfaitement weess, dass se hei op engem ganz glëtschegem Terrain ass, an dass mat bis zur Sécherheet grenzender Wahrscheinlechkeet deen doten Text net wäert déi nächst Joren iwwerliewen, well en an eisen Aen - an dat ass och d'Meenung vum Conseil d'Etat - géint d'europäescht Recht verstéisst, et net korrekt ëmsetzt, well verpasst gëtt d'Franséischt als Sproochekonditioun duerchzesetzen.

Mir waren der Meenung, dass do eng Chance bestanen hätt, fir dat ze maachen. De Conseil d'Etat huet eigentlech eng Bréck gebaut a sengem leschten Avis. De Conseil d'Etat huet an deem Avis festgestallt, wat déi Fro vum Franséischen ugeet, wat jo och ee Moment eng Proposition vun der Commissioun juridique war - mir hu jo schonn alles hei praktesch vun Haltunge gehat am Laf vun der ganzer Prozedur -, dass eigentlech verpasst ginn ass eng Distinctioun ze maachen an ech zitéieren de Conseil d'Etat: "…de relever finalement que les auteurs des amendements n'entendent faire aucune distinction entre les avocats européens suivant qu'ils se proposent ou non de donner des consultations en droit luxembourgeois."

Also liesen am Avis vum Conseil d'Etat, dass de Conseil d'Etat eng Méiglechkeet gesinn hätt, fir weider Sproochekenntnisser ze verlaangen, wa kloer eng Distinctioun gemaach gi wär an eiser nationaler Ëmsetzung, jee no der Aarbecht, déi den Affekot mécht. Esou liesen ech dee Passage vum Conseil d'Etat. Dat wär also eng Piste gewiescht, déi een hätt vläicht misste méi politiséieren, wéi dat hei gemaach ginn ass.

Mee et ass sécherlech méi populär hei zu Lëtzebuerg gewiescht ze verlaangen - och bei den Affekote selbstverständlech, ech si selwer een, ech hunn awer de Courage, fir hei eng aner Positioun ze vertrieden -, dass jiddereen, deen hei op Lëtzebuerg als Affekot wëllt schaffe kommen, muss Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch kënnen.

Dat entsprécht awer net dem gëltegen europäesche Recht, duerfir wäerte mir géint deen heiten Text stëmmen, sou wéi en an der éischter Lecture virgeschloe ginn ass, well deen heiten Text ganz einfach nieft dem Dill läit.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- D Wuert hunn nach verlaangt den Här Jacques-Yves Henckes an d'Mme Renée Wagener. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, mir wëllen ons Abstentioun zu dësem Gesetzesprojet nach eng Kéier répétéieren.

Mir sinn och der Meenung, datt mer hei e Gesetz stëmmen, wat net am Aklang ass mat dem europäesche Recht, a mir waren der Meenung - an deem Sënn hate mer och eng Motioun erabruecht -, datt d'Léisung ze fanne wier an enger neier Formuléierung vum Sproochegesetz.

Leider war d'Kommissioun net bereet op dee Wee ze goen, sou dass mer bei onsem Vote wäerte bleiwen.

**M. le Président**.- D'Mme Renée Wagener huet d'Wuert gefrot.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wollt mech eigentlech de Wierder vum Här Bodry uschléissen, awer nach dobäifügen, datt mir mengen, datt et net nëmmen eng Saach vun der korrekter Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv ass, ëm déi et hei geet, mee datt et eigentlech och ëm Prinzipië vu Chancëgläichheet a vun Net-Diskriminéierung geet, wou mir, am Ënnerscheed zu anere Leit heibannen, weiderhi stinn.

Vläicht misst ee sech och sou lues hei zu Lëtzebuerg d'Fro stellen, wa mer an all Gesetz, wou et ëm Beruffsstänn geet, déi do Klauselen abauen, wou dat alles hiféiert. Wann ech elo polemesch wär, da géif ech soen, vu datt mer eng Rei vun Dialekter hei am Land hunn, datt all déi Leit da vläicht och nach missten den Dikrecher Dialekt an de Miseler Dialekt léieren, fir datt se däerfen hei zu Lëtzebuerg praktizéieren.

Op alle Fall, Här President, wäerte mir bei eisem Vote bleiwen, esou wéi mer en och schonn am Juli ausgedréckt hunn.

**M. le Président**.- D'Wuert huet d'Mme Simone Beissel.

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, contrairement zu deem, wat Der elo just gehéiert hutt, an zesummen och mat der Fraktioun vun der CSV, ass de Summer genotzt ginn, fir een Délai de réflexion, fir ganz genau nach eng Kéier den Text ze examinéieren, an och fir Consultatiounen ze féieren. Ech kann nëmmen haut staunen, well mir haten ofgemaach - an dofir huet de Patrick Santer och elo net d'Wuert geholl -, dass mer haut u sech keng grouss Développementer méi géife maachen.

Ech mengen, et ass d'Fräiheet vun all Deputéierten, fir dat ze maachen. Mee ech soen lech och firwat ech staunen. Mir hate kierzlech Commission juridique. Et huet kee vun deenen, déi haut elo grouss Développementer maachen, ee Wuert zu deem Projet gesot. Et ass gefrot gi ronderëm den Dësch: Sinn nei Incentiven do? Sinn nei Iwwerleeungen do? Et koum absolut näischt.

Elo gëtt op eemol gesot, europäescht Recht. Et gëtt op eemol gesot, Lëtzebuerg kéint net vertriedbar ginn. Ech soen lech just eppes,…

***(Interruption)***

Här Di Bartolomeo, loosst mech wann ech gelift schwätzen!

***(Coups de cloche de la Présidence)***

…den Här Bodry huet an der Commission juridique déi leschte Kéier kee Wuert vun deem gesot, wat en haut seet, an d'Mme Wagener, muss ech soen, wa se scho vu Chancëgläichheet schwätzt, da muss déi awer och an déi zwou Richtunge goen.

Wa mir op Athen oder op Roum plädéiere ginn, da si mir censéiert, fir d'Sprooche vun deem Land ze kennen. Si komme bei eis plädéieren. Mir hunn d'Lëtzebuergescht net emol an eisem Ge-

setz vu 1984 a wat um Geriicht gebraucht gëtt. Mir sinn diskriminéiert, wa mir mussen eng Sprooch schwätzen an d'Ausländner brauchen net. A mir mussen an auslännesche Sprooche mat deenen op eisem Geriicht, wou mir kéinte Lëtzebuergesch schwätzen, plädéieren.

Wou ass d'Chancëgläichheet, Mme Wagener? Kuckt emol e wéineg no de Lëtzebuerger.

***(Hilarité)***

Éierlech gesot, ech fannen et vun enger totaler Onfairness, wéi hei gefuer gëtt. D'Commission juridique: kee Wuert, keen Incentiv, keng nei Iddi. Elo haut, just fir sech ze profiléieren, kommen d'Kolleegen a se maachen hei grouss Développementer.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Et ass genau dat!

**Une voix**.- N'importe quoi!

***(Interruptions)***

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- Ech kann lech just soen, ech hu mer ganz genau iwwerluecht, wat mat deem Text lass ass. Mir hunn déi leschte Kéier gesot, mir wëssen, dass mer op enger relativ risikoräicher Décisioun gefuer sinn, mir droen déi Décisioun.

Déi ganz DP-Fraktioun dréit déi Décisioun zesumme mat der CSV. Mir hunn eis dat räiflech iwwerluecht. Mir wësse ganz genau, wat mer maachen.

Ech soen lech merci.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Bodry.

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Mme Beissel, erlaabt Der mir, dass ech lech kuerz eng Fro stellen?

***(Assentiment)***

Ass eppes vun deem, wat ech hei gesot hunn, net an dem Document parlementaire nozeliesen? Ass eppes vun deem, wat ech vun Argumenter hei zitéiert hunn, déi de Conseil d'Etat gesot huet, nei an där heiter Debatt, déi een hätt missten an der Commission juridique nach eng Kéier virliesen?

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- Et ass d'Manéier, Här Bodry! Dir hätt sollen déi leschte Kéier Äre Mond opmaachen.

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Alles, wat hei gesot ginn ass, ass am Dossier. D'Majoritéit huet et ignoréiert während den éischten Debatten a se wëllt et ignoréieren och während den zweeten Debatten. Se läit falsch domadder!

**M. le Président**.- D'Mme Wagener huet d'Wuert.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech muss mech elo awer och e bëssen erstaunen iwwert deen Toun, deen hei op eemol gefuer gëtt.

Ech hunn d'Recht, fir hei meng Meenung zu deene Punkten ze soen, genau esou wéi den Här Bodry och, an ech mengen, datt ech net méi gemaach hunn, wéi a kuerze Wierder ze résuméieren, wat mer am Juli schonn eng Kéier hei laang a breet développéiert hunn.

Ech verwiere mech géint déi do Aart a Weis, wéi hei mat engem ëmgespronge gëtt!

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo de Berichterstatter vum Gesetzesprojet, den Här Patrick Santer.

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur*.- Här President, ech wollt nach ganz kuerz…

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

…Stellung huelen zu der sougenannter Bréck, déi den Här Bodry am Avis complémentaire vum Statsrot gesinn huet.

Ech mengen, wa mer géifen en Ënnerscheed maache jee no den Aktivitéiten, déi den europäeschen Affekot, deen op Lëtzebuerg kënnt, géif maachen, da géife mer ganz krass géint d'Directiv verstoussen, well d'Direktiv gesäit vir, datt all Avocat européen, deen op Lëtzebuerg kënnt, souwuel europäescht Recht ka maachen, internationaalt Recht, d'Recht vu sengem Land. Also wann et een Italiener ass d'italienescht Recht an och d'Lëtzebuergescht Recht, la loi du barreau d'accueil.

Wa mer also géifen een Ënnerscheed maachen tëschent den Aktivitéiten, europäescht Recht, Lëtzebuergescht Recht oder a mengem Beispill italienescht Recht, an do Sproocheklauselen a Konditioune verschidde festleeën, da géife mer ganz krass géint d'Direktiv verstoussen. Wat d'Direktiv awer net virgesäit - dat ass d'Argument, dat d'Majoritéit geholl huet, dass d'Direktiv d'Sproochekenntnisser net verbitt.

Dat ass also d'Positioun, hei ass och näischt Neies par rapport zu der éischter Sëtzung, dass also, wéi ech a mengem ganz kuerze mëndleche Rapport virdru gesot hunn, nihil nove sub sole, also näischt Neies säit dem 3. Juli.

Ech géif lech dofir bieden, den Text ze stëmmen.

***(Interruption)***

Neen, neen, Här Di Bartolomeo.

Här Di Bartolomeo, et ass kee Refus vum Statsrot zënter der Dispens.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Här Di Bartolomeo, et ass kee Refus vum Statsrot vun der Dispens vum zweete Vote. Mir hunn eis Dispens vum zweete Vote net ginn.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen iwwert de Projet de loi 4790 - op der Säit 11 kënnt Der nokucken -, an da stëmme mer driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 15 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de virleiende Gesetzesprojet am second vote constitutionnel.

***Second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet 4790 ass ugeholl mat 33 Jo-, 17 Nee-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Lucien Clement), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Emile Calmes), Marco Schroell (par Mme Maggy Nagel), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot (par M. Jos Scheuer), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens?

***(Hilarité)***

D'accord, se brauch se net ze ginn.

***(Brouhaha général)***

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 16.09 heures)***




**www.avenir-europe.lu**

*de Lëtzebuerger Site iwwert den EU-Konvent*



## Sommaire des séances publiques

Communication page 37

Retrait du rôle de deux propositions de loi page 37

Ordre du jour pages 37-38

Heure de questions au Gouvernement:

1) Question 241 de M. Marco Schank relative à la valorisation du site des anciennes ardoisières de Haut-Martelange page 38

2) Question 242 de M. Ben Fayot relative à la politique d'information des citoyens sur le futur élargissement de l'Union européennes page 38

3) Question 243 de M. Marcel Glesener relative au second référendum irlandais pour la ratification du traité de Nice pages 38-39

4) Question 244 de M. Mars Di Bartolomeo concernant le changement des compétences au niveau des ministères de la Famille et de l'Education nationale des structures d'accueil et plus particulièrement en relation avec les devoirs à domicile page 39

Question urgente 1850 de M. Ben Fayot relative à la base légale pour la création de la "School of Finance" pages 39-40

Nomination d'un réviseur d'entreprises pour l'Entreprise des Postes et Télécommunications page 40

Heure d'actualité demandée par le groupe socialiste sur les conclusions du Sommet de Johannesburg pages 40-44

Dépôt d'une proposition de loi page 42

4731 - Projet de loi portant création d'un établissement public nommé "Salle de concerts Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte" pages 44-46

Communications page 47

4889 - Projet de loi réglementant le repérage de télécommunications et portant modification du Code d'Instruction Criminelle et

4886 - Proposition de loi portant réglementation du repérage de télécommunications et modifiant le Code d'Instruction Criminelle pages 47-53

Débat d'orientation concernant la réforme de la législation sur les délégations du personnel, les comités mixtes et la représentation des salariés dans les conseils d'administration pages 53-62

Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution page 63

4867A - Projet de loi portant:

1) modification de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales;

2) modification de la loi du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire;

3) modification de la loi du 1er août 1988 portant création d'une allocation d'éducation et modification de la loi du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire;

4) modification de la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales;

5) modification de la loi modifiée du 20 juin 1977 ayant pour objet

1) d'instituer le contrôle médical systématique des femmes enceintes et des enfants en bas âge;

2) de modifier la législation existante en matière d'allocations de naissance;

6) abrogation de la loi du 8 mars 1984 portant création d'un prêt aux jeunes époux pages 63-66

4928 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Slovénie en matière de sécurité sociale, signée à Ljubljana, le 1er octobre 2001 pages 66-68

4935 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Islande sur la sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 30 novembre 2001 page 67

4795 - Projet de loi portant approbation

- de l'Acte final de la Conférence diplomatique sur le Protocole coordonnant la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne "Eurocontrol" du 13 décembre 1960 suite aux différentes modifications intervenues

- du Protocole coordonnant la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne "Eurocontrol" du 13 décembre 1960 suite aux différentes modifications intervenues

- du Protocole additionnel concernant le passage du régime de l'Accord multilatéral relatif aux redevances de route du 12 février 1981 au régime des dispositions pertinentes de la version coordonnée du texte de la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne "Eurocontrol" amendée à Bruxelles en 1997, y compris son Annexe IV

signés à Bruxelles, le 27 juin 1997 pages 67-68

4790 - Projet de loi portant transposition en droit luxembourgeois de la Directive 98/5/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 février 1998 visant à faciliter l'exercice permanent de la profession d'avocat dans un Etat membre autre que celui où la qualification a été acquise et portant:

Lëtzebuerg muss sech och iwwerleeën, ob et an Zukunft bei esou Projete wëllt matmaachen. Ech wëll awer drun erënneren, datt mer ëmmer erëm soen, datt mer fir d''éischt versichen eis Hausaufgaben heiheem ze maachen, an nëmme wann dat net géif duergoen, mer dann och op esou Projete géifen zréckgräifen.

En anere Punkt war dee vum Asetzen, respektiv Ëmsetze vun deenen zwee néie Fongen, déi effektiv zu Marrakesch décidéiert gi sinn. Deen een ass en neie Klimaschutzfong. Deen zweeten ass e Fong fir déi am mannsten entwéckelt Länner.

Et ass gekuckt ginn, wéi déi kënne konkret fonctionnéieren, respektiv wat déi eenzel Participatioune si vun de Länner, déi de Kyoto-Protokoll ratifizéieren, respektiv ratifizéiert hunn. Fir Lëtzebuerg kann dat no deene verschiddene Kriterien, op déi ech hei elo net wëll agoen, well dat ass relativ technesch, an Zukunft ronn eng Millioun Euro d'Joer ausmaachen, déi et soll an déi Fonge bäidroen.

Den Här Graas huet och déi politesch Deklaratioun ugeschwat, déi sécher kee juristesch contraignante Charakter huet, mä déi awer trotzdeem och e politescht Engagement soll duerstellen. Et war esou, dass an der Deklaratioun, déi ausgeschafft ginn ass zu New Delhi, d'europäesch Länner, haaptsächlech also d'Länner aus deene 15 Memberstate vun der EU, Lëtzebuerg natierlech och, der Meenung waren, datt sech och misste Gedanke gemaach gi fir no 2012.

Et ass esou, datt de Kyoto-Protokoll bis 2012 geet, datt awer duerno sécher net alles wäert an der Rei sinn, datt och duerno nach muss gekuckt ginn, fir aktiv am Klimaschutz virzegoen. D'Europäer hunn drop gedrängt, fir ënnert iergendenger Form dat an déi Deklaratioun ze kréien, fir eventuell Engagementer no 2012 scho festzeleeën, net elo genau wéivill, oder wat fir eng Engagementer dat wären, mä einfach de Prinzip, well och no 2012 soll ee weiderhin aktiv Klimaschutz maachen a weltwäit och Engagementer huelen.

Dat huet awer kee Support fonnt, ënner anerem bei den Entwécklungslänner, awer och bei Länner wéi déi Vereenegte Staten. Dat huet also net säin Nidderschlag fonnt an där Schlussdeklaratioun. Et muss ee soen, datt dat sécher e bëssen aus der Siicht vun den Europäer e Mësserfolleg war. Op där anerer Säit muss een awer soen, datt mer nach praktesch zéng Joer Zäit hunn, fir un deene Saachen ze schaffen, datt mer also an deenen nächste Joren déi eng oder aner Kéier nach wäerten dee Sujet missen néi upaken.

Eng lescht Fro vum Här Graas war déi, fir ze wëssen, wéini dann elo effektiv de Kyoto-Protokoll a Kraaft trëtt. Ech wëll drun erënneren, datt zwou Konditioune mussen erfëllt sinn.

Op där enger Säit musse 55 Länner de Protokoll ratifizéiert hunn, op där anerer Säit mussen dann och 55% vun de weltwäiten Emissiounen doranner representéiert sinn.

Et si mëttlerweil méi wéi 55 Länner, déi ratifizéiert hunn. Déi 55% vun de weltwäiten Emissioune sinn awer doranner nach net reflektéiert. Ënner anerem brauche mir nach Russland, dat och soll de Protokoll ratifizéieren. D'Russen hunn zu Johannesburg, wéi och nach eng Kéier zu New Delhi verséchert, datt se géifen dat an deenen nächste Woche maachen an datt dat och an der Prozedur wär an der Duma. Mir sinn also gudder Déng, datt dat wäert bis zum Schluss vum Joer, respektiv ufanks vum nächste Joer geschitt sinn, an dee Moment wäert dann och de Kyotoprotokoll rechtskräfteg a Kraaft trieden. Merci.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 246 vum Här Ben Fayot un de Kommunikatiounsminister iwwert de Projet eLëtzebuerg. Den Här Fayot huet d'Wuert.

**- Question 246 de M. Ben Fayot relative aux 75 projets de eLuxembourg en cours de réalisation**

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, d'Regierung huet dës Woch oder d'lescht Woch hiren neie Site gouvernement.lu virgestallt, an de Minister huet dobäi annoncéiert, datt 75 Projete vun eLëtzebuerg en cours de réalisation sinn, an datt Lëtzebuerg och déi gréisste Progressioun am europäesche Benchmarking hätt.

Ech wollt froen:

- Ob déi 75 Projeten, d'Projete vu gesamt eLëtzebuerg sinn, oder méi prezis vun eGouvernement?

- Och géif mech interesséieren, ob bei deene 75 Projeten esou wichteg Verwaltunge wéi d'Steierverwaltung an den Enregistrement dobäi sinn, wat mir scho laang gefuerdert hunn?

- Ech wollt och froen, a wéi engem Stadium vu Finalisatioun déi 75 Projete sinn?

Et géif mech och interesséieren, ob mir dann an der Fro vun dem Portail unique fir sämtlech öffentlech Siten e Schrëtt weiderkomm sinn? Zum Beispill hu mir gëschter Owend an der Gemeng Lëtzebuerg vun dem Site vun der Stad Lëtzebuerg geschwat, an et schéngt mir wichteg ze sinn, datt mir zu Lëtzebuerg op dee Wee ginn, well dat, wat se an Däitschland fäerdeg bréngen an a Frankräich, mengen ech, misst och an engem e bësse méi klenge Land wéi Lëtzebuerg méiglech sinn, nämlech datt alleguerten déi öffentlech Siten iwwer ee Portail accessibel wären.

Ech wollt och den Här Minister froen, op wat fir Etuden e sech fon-

déiert, fir ze soen, datt Lëtzebuerg déi schnellste Progressioun hätt an dem europäesche Benchmarking. Déi Étuden, déi ech zum Schluss gesinn hunn, weisen, datt Lëtzebuerg zwar eng Progressioun huet, zum Beispill an den öffentleche Sitë vun 15 op 22 vun Oktober 2001 bis Abrëll 2002, mä et sinn aner Länner, déi nach vill besser do stinn, souguer, datt se nach vill méi héich sinn.

Dat waren déi Froen, déi ech dem Här Minister wollt stellen. Merci.

M. le Président.- Den Här Kommunikatiounsminister François Biltgen huet d'Wuert.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wann ech elo wierklech wëllt am Detail op alles agoen, wat den Här Fayot hei gefrot huet, da géif ech net nëmmen de Kader vu menger Äntwertzäit sprengen, mä och déi vun der Froestonn insgesamt, well, wann ee vu 75 Projeten schwätzt, mat enger Minutt pro Projet, dann ass ee scho bei iwwer enger Stonn. Iwwregens läit och, wat de Volet egouvernement ugeet, deen den Här Fayot besonnesch interesséiert, eng Fro vum Här Zannussi vir, déi mir amgaang sinn zesumme mat der Fonction publique ze beäntweren an duerch déi hien eng Partie Äntwerte kritt.

Ofgesinn dovunner soen ech och, datt ech ganz e bëssen doriwwer enttäuscht sinn - well ech den Här Fayot kennen, deen ee vun den „eliterate" Deputéierten hei ass -, datt hien net op eLëtzebuerg surfe gaang war, well dann hätt e sech kënnen d'Lëscht erausdrécke vun deene 75 Projeten. En hätt och do festgestallt, datt déi zwou Verwaltungen, vun deenen hie geschwat huet, nämlech d'Steierverwaltung an den Enregistrement, e puer Projete mat dobäi hu bei deene 75 Projeten.

A toutes fins utiles, Här President, ginn ech Iech déi Lëscht vun de Projeten, wéi se och um Site eLëtzebuerg - Dir kënnt dohinner surfe goen, da fannt Dir se - publizéiert ass. Ech ginn Iech och en aneren Text, deen op dem Site eLëtzebuerg nozesichen ass, an zwar deen iwwert dee leschte Sondage, deen d'ILReS am Optrag vum eEurope-Benchmarking gemaach huet iwwer eLëtzebuerg. Ech kommen och nach vläicht op deen een oder anere Punkt zréck, souwäit ech nach Zäit hunn.

Wat de Stade de finalisation vun deene 75 Projeten ubelaangt, ass et esou, datt esou e Projet an der Moyenne ee bis zwee Joer brauch bis datt en opérationnel ass, an dat ass wierklech no ënne gegraff. Wann een da weess, datt mir spéit eréischt konnten ufänken, ass et kloer, datt mir bis elo eréischt vun deene 75 Projeten der aacht hunn, déi opérationnel sinn, déi aner sinn am Backoffice, duerfir gi se jo och net bis elo am europäeschen eGouvernement-Benchmarking enregistréiert, well si nach net online sinn.

Ech soen Iech och direkt, datt mir do nach net an deenen nächste Méint sou e grousse Progrès no vir maachen, well einfach déi Projeten amgaang sinn ze räifen. Dat geet iwwert d'Etüd vun den Essaien, an dann iwwert dat Opérationnellt. Ech ginn awer dovunner aus, Här Fayot, datt mir an engem Joer wierklech remarquabel Progrèse wäerte gemaach hunn.

Ech soen Iech och, datt, wat eGouvernement ubelaangt - well déi 75 Projeten, dat ass eLëtzebuerg insgesamt, do ass nëmmen en Deel eGouvernement -, de Statssekretär Jos Schaack an deenen nächste Wochen, soubal den neien europäeschen eGouvernement-Benchmarking, deen een Deel vum eEurope-Benchmarking ass, disponibel ass, eng gréisser Informatioun doriwwer maache wäert an och iwwert déi eenzel Stadie schwätze wäert, wou déi eenzel Projeten dru sinn.

Iwwregens sinn ech absolut bereet, wann dat gewënscht ass, an déi zoustänneg Chamberkommissioun ze kommen, wou ech dann - dofir brauch ech awer op d'mannst eng Stonn - iwwert déi 75 Projeten an hiren „état d'avancement" schwätze kann.

Et ass esou, datt de Portail unique eist grousst Ziel ass. An enger éischter Phas wëlle mir bis virun Enn 2003 kucken, datt all Ministère an all Verwaltung säi Site huet. Do muss een natierlech wëssen, datt mir de Problem hu par rapport zum Ausland, vun den Déséconomies d'échelles, dat heescht, am Ausland kann een d'Kraaft méi bündelen, bei eis ass all Verwaltung kleng, all Verwaltung huet da méi Problemer an dofir hu mir jo och d'eLëtzebuerg-Taskforce an d'Liewe geruff, fir ze kucken, deene Verwaltungen ze hëllefen.

Parallell zu deem Effort, datt all Verwaltung hire Site kritt, maache mir net onbedéngt e Portail unique, mä en Accès unique fir d'Leit, wou se kënnen op thematesch Sous-portaile goen, zum Beispill e Sous-portail „culture" gëtt ausgeschafft, e Sous-portail „droit" gëtt ausgeschafft. E Sous-portail „entreprises" ass amgaang ausgeschafft ze ginn, e Sous-portail „éducation", well jo de Problem ass, datt de Bierger net weess u wat fir e Minister oder Ministère hien d'Fro stellt, mä en huet eng Fro ze stellen an e muss ebe kënnen do thematesch weider gedriwwe ginn no deenen Äntwerten, déi e kritt.

Wat d'Interaktivitéit vun de Siten ubelaangt, wësst Dir, datt een eigentlech muss véier Schwellen hunn. Déi éischt ass déi, datt een d'Informatioun kritt. Déi zweet ass déi, datt ee kann de Formulär eroflueden. Déi drëtt ass déi, datt een de Formulär kann online raschécken. Déi véiert ass, datt ee kann och d'Äntwerten online erëmkréien.

Mir hunn an deem Benchmarking, dee mir elo gemaach hunn iwwert d'ILReS, festgestallt, datt déi meeschte Lëtzebuerger u sech haaptsächlech un Informatiounen interesséiert sinn. 84% vun de Lëtzebuerger wëlle mol virun allem Informatiounen. Dat heescht, d'Lëtzebuerger sinn nach net esou wäit, datt se soen, mir wëllen och bis déi véiert Etapp goen. An déi véiert Etapp, datt een alles online mécht, ass och net bei all Formulär onbedéngt noutwenneg.

Mir mussen also elo kucken, an dat wëlle mir och maachen, datt ee wierklech all Informatiounen online ka fannen. Dat ass déi éischt Etapp, déi mir wëlle maachen. Déi véiert Etapp brauch een net iwwerall. Fir déi brauche mir d'PKI-Infrastruktur, wou ee muss feststellen, datt all Länner, déi do wollte virpreschen - ech denken un d'Finnen -, bäigelaf sinn. Mir hunn ënnert der Tutelle vum Minister de l'Économie e Grupp, dee mat der Privatwirtschaft kuckt, wéi mir kënnen, och wéinst der Konkurrenz hei zu Lëtzebuerg, eng eenzeg PKI-Infrastruktur schafen. Fir déi, déi net wëssen, wat PKI ass: Dat ass u sech de Schlëssel, datt et sécher ass, wien de Formulär opmécht op där enger Säit a wien en op där anerer Säit opmécht.

Wat de Benchmarking ubelaangt, ass et net esou, datt ech gesot hätt, mir wären insgesamt déi Bescht. Ech hunn op ee spezifescht Beispill ugespillt, dat ass dat, wat Der och an der ILReS-Etud erëmfannt, nämlech, datt d'Lëtzebuerger déi sinn, déi, wat d'Internet-Connectioune vun de Stéit ubelaangt, am meeschte Progrèse gemaach hunn. Do hu mir wierklech am meeschten Terrain guttgemaach. Mir hu mëttlerweil d'Finnen iwwerholl, mir sinn op der véiertbeschter Plaz.

Et muss een och wëssen, datt eEurope net nëmmen eGouvernement ass. eEurope huet aacht Objektiver. Een dovunner ass eGouvernement. Natierlech ass et ee vun deene Kruziaalsten, ee vun deene Wichtegsten, dat streiden ech hei net of, mä et gëtt nach siwen anerer. A wann Dir duerch den eEurope-Benchmarking gitt, deen Dir kënnt fannen, wann Dir op de Site gitt europa.eu.int/information_society/eeurope/benchmarking/list/2002/index_en, da fannt Dir alles.

***(Interruptions)***

Ech si scho bei sechs Minutten.

Do fannt Dir Äntwerten op eng ganz Partie vu Froen an da stellt Dir fest, datt mir a ganz ville Beräicher vir sinn. An aneren, notamment eGouvernement, si mir hannen, mä eist erkläertent Zil ass och do no vir ze kommen.

Ee Punkt, wou ech mengen, datt mir déi lescht Zäit amgaang si ganz vill Progrèsen ze maachen, datt ass dee vum Internetgruef, well wa mir soen, mir hunn elo 55% vu Stéit, déi op Internet sinn, hu mir natierlech och 45% vu Stéit, déi net op Internet sinn. Do stelle mir fest, dass besonnesch betraff sinn déi Leit, déi doheem sinn. Do fanne mir vill Fraen erëm, respektiv auslännesch Matbierger, besonnesch bei den Aarbechterkategorien. Dofir hu mir eng ganz Aktioun lancéiert - déi mëttlerweil amgaang ass Friichten ze droen -, datt mir querfeldein duerch d'Land mat de Gemengen zesummen a mat Privatinitiativen Internet-Stuffen opriichten, fir och deene Leit, déi net doheem Internet hunn, éischtens d'Chance gi mat deem Instrument eens ze ginn, an zweetens och un Terminauxen ze kommen, wou se kënnen hir Verwaltungsugeleeënheete mam Stat maachen.

Ech hunn eréischt d'lescht Woch zu Mertert/Waasserbëlleg eng Internet-Stuff inauguréiert. An deenen nächste Wochen a Méint kommen der nach ganz vill derbäi. Ech kann och nëmmen deene Gemenge merci soen, déi spontan bereet ware mat eis zesummen ze schaffen, an ech weess, datt der nach vill nokommen. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 247 vum Här Camille Gira un den Ackerbauminister iwwert de Bilan vun der Campagne iwwert d'Schwéngspescht. D'Wuert huet den Här Camille Gira.

**- Question 247 de M. Camille Gira relative au bilan de la campagne contre la peste porcine**

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Merci Här President. D'Problematik Schwéngspescht steet schonn iwwer e Joer an der Aktualitéit. Et huet een och net dat Gefill, wéi wann de Problem geléist wier, am Géigendeel. Sporadesch tauchen ëmmer erëm nei Fäll op, sief et bei den Hausschwäin, sief et bei de Wëllschwäin. Dofir wollt ech vun dëser Froestonn profitéieren, fir emol vum Minister gewuer ze ginn, wéi hien d'Saach gesäit a wéi de Bilan ass?

Et hat een e bësschen dat Gefill, dass den Acteuren um Terrain d'Feld iwwerlooss ginn ass. An enger Taskforce sollt sech gëeenegt ginn. Wann een awer gelies huet, wat d'lescht Woch a gewësse landwirtschaftleche Presseorganer, respektiv op anere Plaze geschriwwe ginn ass, dann huet een dat Gefill, dass déi sech do net eens ginn, éischter nach op eemol opennee schéissen, wann et esou weider geet. Dofir mengen ech, wier et och esou lues un der Politik, fir hei anzegräifen.

Wéi ass de Bilan vun deene Mesuren, déi d'Regierung préconiséiert hat? Wéi ass de Bilan vun där verlängerter Juegdsaison? Si mer amgaang, de Wëllschwäibestand erofzesetzen? Wéi ass et mat enger Impfung vun de Wëllschwäin? Virun enger gudder Zäit, wéi mir dat an d'Diskussioun bruecht hunn, si mer nach, mengen ech, e bësschen ausgelaacht ginn. Haut kann ee feststellen, dass ëmmer méi Leit dës Mesure lues a lues zur Diskussioun stellen, well et schéngt bal net méiglech ze sinn op eng aner Manéier, zumindest bei de Wëllschwäin, der Saach bäizekommen.

Also wéi gesäit de Minister d'Evolutioun? Ass hien eventuell bereet, eng regional a souguer iwwert d'Landesgrenzen eraus goend Impfung mat den Nopeschlänner an d'Aen ze faassen. Schlussendlech, wéi ass seng Positioun oder der Regierung hir Positioun zum Fidderungsverbuet? Grad déi Thematik huet d'lescht Woch relativ héich Welle geschloen. Op der enger Säit huet een dat Gefill, dass d'Jeeër nach bal éischter méi wäit wëlle goen ewéi an der Vergaangenheet an nach méi wëlle fidderen, an op där anerer Säit awer eng kategoresch Oflehnung vun de Baueverbänn do ass. Dat, fir ze soen, dass dann d'Katastroph nach vill méi grouss gëtt.

Ech muss soen, dass mir éischter déi zweet Vue deelen, an dofir och d'Fro:

Wat gedenkt de Minister ze maachen an där ganz konkreter Problematik, déi awer och e gudden Deel vun der Problematik, zumindest vun der Wëllschwäipescht, ass?

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Ackerbauminister, den Här Fernand Boden.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Gira huet mech gefrot, fir e Bilan ze zéien iwwert déi Problematik vun der Schwéngspescht. Esou e Bilan kann nëmme provisoresch sinn - ech well dat direkt derbäi soen -, well schéi wär et, wa mer kënnten en definitiven Ofschlossbilan zéien. Besonnesch bei der Problematik vun de Wëllschwäi wësse mer, dass et ganz schwiereg ass, fir déi Problematik an de Grëff ze kréien, an dass do mussen eng ganz Rei vun Acteuren zesummeschaffen, virun allem emol den Ëmweltministère, dee jo fir d'Juegd zoustänneg ass, also och fir eng Rei vun de Froen, déi elo gestallt gi sinn, doriwwer eraus d'Jeeër selwer, a virun allem awer och d'Baueren an de Landwirtschaftsministère.

Mir hunn - den Här Gira huet drop higewisen - eng Taskforce gegrënnt. Dat ass net, fir de Leit um Terrain d'Feld ze iwwerloossen, mä déi Taskforce ass vun deenen zwee Ministère gegrënnt ginn, fir ebe just mat allen Acteuren zesummen ze diskutéieren. A wann déi Taskforce zesumme kënnt, sinn natierlech d'Ministèren an och d'Ministeren derbäi an och d'Administratiounen, fir zesummen ze kucken, wat fir eng Strategien ee kann entwéckelen, fir där ganzer Problematik esou gutt ewéi méiglech meeschter ze ginn.

Mir si jo scho säit längerer Zäit mat der Problematik befaasst. Et ass ugaangen 1999 am Norde vum Land. A Rheinland-Pfalz war bei Wëllschwäin d'Schwéngspescht entdeckt ginn. Do hu mer eng Zone d'observation gemaach, eng Rei vu Moossnamen ergraff. Mir hunn och eng Sammelstell agefouert, wo déi Wëllschwäin hu missen hikommen. Si goufen analyséiert. Mir hunn de Jeeër ugeroden, fir besonnesch déi jonk Wëllschwäin ze schéissen, well do d'Iwwerdroungsgefor am Gréissten ass. Et ass eng Prime agefouert ginn, fir se ze encouragéieren, fir jonk Wëllschwäin ofzeschéissen.

Du war et relativ roueg, dat hate mer och am Grëff, bis dass mer dann am Oktober vum leschte Joer hei am Land déi éischt wierklech Fäll vu Wëllschwäipescht bei Berbuerg entdeckt hunn. Leider Gottes konnte mer net vermeiden, dass trotz alle Moossnamen a Virsichtsmoossnamen, déi Wëllschwäipescht och op d'Hausschwäin iwwergegraff huet.

A fir e kuerze Bilan ze zéien an Zuelen ze nennen, wëll ech dem Här Gira soen, dass mer bis elo zwielef Foyeren hate vun Hausschwéngspescht an dass mer praktesch am ganze Land Foyeren hunn, wat d'Wëllschwäipescht ubelaangt. Zënter der Mise en place vu Bekämpfungsmoossname géint d'Schwéngspescht, sinn zwielefdausend Wëllschwäin geschoss ginn. Dir wësst, dass déi Wëllschwäin, zënter dass mer hei positiv Fäll haten, systematesch alleguer analyséiert ginn. Mir hu bei den Analysen, déi an dem Veterinärslaboratoire gemaach ginn, festgestallt, dass ronn 20% vun deene Wëllschwäin, déi analyséiert gi sinn, zéro positiv sinn. Do hu mer also Antikierper festgestallt, wat d'Schwéngspescht ubelaangt.

***(Interruption)***

Jo, zënter 1999 ass dat.

***(Interruption)***

Jo, dräi Joer.

Dann hu mer elo vum 1. Januar vun dësem Joer u 57 virulogesch positiv Fäll bei Wëllschwäi gehat. Et gesäit een, dass d'Problematik vun de positive Fäll bei de Wëllschwäin nach net eriwwer ass. An de leschte Méint, hu mer der nach systematesch a verschiddene Géigende vum Land entdeckt, dat heescht, den Drock, dass d'Schwéngspescht bei de Wëllschwäin eriwwerschwappt op d'Hausschwäin ass nach ëmmer ginn.

Dofir ass jo och, wéi gesot, déi Taskforce do, déi eng Rei vun Aufgabe kritt huet,- fir präventiv Moossnamen hëllefen ze ergräifen am Konsens mat allen Acteuren um Terrain. An Dir wësst virun allem, dass op zwee Pläng geschafft gëtt. Dat éischt, dat ass emol, fir eng Reduktioun vun der Wëllschwäibesatzdicht ze kréien. D'Zil ass jo, fir op zwee Wëllschwäi pro honnert Hektar Bësch ze kommen; mir sinn nach wäit dovun ewech.

D'Eaux et Forêts huet och eng Bestandsopnahm am Land gemaach, wou se fënnef Platzen erauskristalliséiert hunn, wou wierklech d'Besatzdicht relativ héich ass. Virun allem geet et elo drëm, dass do, wou mer festgestallt hunn, dass eng grouss Densitéit vu Wëllschwäin ass, virrangeg mat de Jeeër zesumme versicht gëtt, fir déi Dicht esou schnell wéi méiglech erofzekréien an och dass d'Jeeër, déi jo eng ganz Rei vu Moossnamen, vu Regelen, vum Ëmweltminister recommandéiert kritt hunn, sech solle gezielt un dës Regelen halen, ënner anerem fir op Frischlingen ze schéissen, fir dann och d'Baachen, ouni awer op d'Leitbaachen ze schéissen, ze eliminéieren, fir esou d'Besatzdicht erofzekréien.

Doriwwer eraus ass och d'Schounzäit komplett ausgesat ginn, dat heescht, d'Wëllschwäi kënne permanent, zu all Joereszäit, geschoss ginn. Do muss ech soen, dass d'Jeeër matmaachen.

Zënter dem 12. Oktober hu mer 547 Wëllschwäin analyséiert: Jiddfereent wat geschoss gin ass muss jo analyséiert ginn. Et kann een also dovunner ausgoen, dass dat och d'Zuel vun de Wëllschwäin ass, déi geschoss gi sinn. Et gëtt gesot, et wiere vill manner jonk Wëllschwäin do, wéi dat soss de Fall war. Et schéngt, wéi wann déi Ofschossplang schonn eppes erreecht hätten. Vun de Wëllschwäi waren, wéi gesot, 20% zéro positif.

Wat d'Fidderung ubelaangt, esou ass et ganz evident, dass wann een d'Besatzdicht vun de Wëllschwäi wëllt erofkréien, een och eppes um Plang vun der Fidderung maache muss. D'Jeeër hate jo ugebueden, fir e Plang vun der Fidderung auszeschaffen, dee si och veröffentlecht hunn, wat natierlech eng ganz grouss Reaktioun bei de Baueren ervirgeruff huet. Och eng Reaktioun vum Ëmweltmi-

nistère, vun Eaux et Forêts an och vum Landwirtschaftsministère, an der Veterinärinspektioun déi fonnt hunn, dass dee Plang guer net wäit genuch gaangen ass. Och do sinn d'Diskussioune bei der Taskforce amgaangen, wéi ee kann d'Fidderung op e Minimum reduzéieren. Den Ëmweltministère huet jo gesot, hie géif eng Reglementatioun ausschaffen, et géif och en neit Juegdgesetz ginn, wou d'Fidderung e Bestanddeel dovu wär.

Ech menge schonn, et muss ee vun där massiver Fidderung, wéi se haut geschitt, ewech kommen; et kann ee se awer net komplett verbidden, wéi heiansdo gefrot gëtt. D'Fidderung, oder besser: d'Kirrung, ass néideg, besonnesch wann een e gezielten Ofschossplang wëllt maachen; a si ass och néideg, wann ee wëllt eng oral Impfaktioun starten. An d'Regierung huet beschloss, fir an den éischte véier Méint vum nächste Joer eng Impfaktioun bei de Wëllschwäin ze starten. Fir dat gutt ze man, brauch een dräi där Aktioune pro Joer. Mir wäerten also am Joer 2003 dräi esou Aktioune starten. Et brauch een dobäi natierlech och d'Mataarbecht vun de Jeeër, well dat relativ opwendeg ass.

Déi Ködere mussen agegruewe ginn. D'Jeeër hu sech an der Taskforce bereet erkläert, fir déi Aktioun do matzemaachen. Mä, wéi ech am Virfeld scho gesot hat, huet esou eng Impfaktioun nëmme Succès, wa virdrun d'Besatzdicht vun de Wëllschwäin erofgesat ginn ass. Dat war bis elo den éischten Objectif. Am Fréijoer wëlle mer dann déi Impfaktioune starten.

Mir wëllen dat och op regionaler Basis maachen, wéi et hei gesot ginn ass, a mir denke mat den Däitschen an hoffentlech och mat de Belschen zesummen déi Aktioun kënnen ze maachen. Déi Belsch hunn och virun e puer Deeg an der Grenzregioun dat éischt positiivt Wëllschwäin entdeckt, esou dass mer der Meenung sinn, dass déi Retizenz déi si haten, opgeweecht gëtt an dass mer kënnen an der ganzer Regioun déi Impfaktiounen starten. Ech géif soen, dann ass den Erfolleg vill méi grouss, wéi wann een dat net géif maachen.

Wat nun d'Hausschwäin ubelaangt, esou hu mer zënter dem éischte Fall, dee mer hei am Land haten, ronn 7.400 Schwäin direkt doud gemaach. A well dat zwielef Foyere waren, an am Ëmkrees vun engem Kilometer musse jo all Kéiers, no de reglementaresche Bestëmmunge vun der Gemeinschaft, d'Hausschwäin doud gemaach ginn, waren dat der nach eng Kéier 9.200, sou dass insgesamt 16.600 där Schwäi gekeult gi sinn.

Zënter dass d'Hausschwéngspescht hei opgetratt ass, hu mer och de Leit, deenen hir Schwäin hu misse gekeult ginn, direkt eng Indemnitéit ginn. Bis elo sinn eppes méi wéi 2 Milliounen Euro un déi Baueren ausgedeelt ginn. Mir hunn eng Demande bei der Communautéit gemaach, fir dass se och en Akommesausfall géife kréien. Virun e puer Deeg, hu mer weider Nofroen dozou vun der Gemeinschaft kritt. Esou wéi et ausgesäit, mengen ech, dass mer den Accord kënnte kréien, dass also déijéineg Baueren, déi direkt vun der Hausschwéngspescht betraff waren, dass déi Betriber ordentlech an dezent misste kënnen entschiedegt ginn.

Dann hu mer natierlech de Baueren geroden an hinne gehollef, fir hir Virsiichtsmoossnamen ze verbesseren. Eng Rei vun infrastrukturelle Moossname si getraff ginn. Zum Beispill dass wann d'Kadaveren ofgeholl ginn, do absolut kee Kontakt méi mam Betrib virkënnt, dass den Zougang zu de Ställ hygienesch optimal geschitt. Mir sinn amgaang e Reglement auszeschaffen, dass déi Baueren, déi eng Clôture ronderëm de Betrib man oder aner Sécherheetsmooss-name virgesinn, déi also präventiv an d'Sécherheet vun hire Betriber investéieren, dass déi bis zu 75% Bäihëllef kënne kréien, fir se ze encouragéieren och Efforten an déi Richtung ze maachen.

Et ass elo ganz graff geholl e schnelle Bilan gemaach. Mir sinn nach net au bout de nos peines. Mir mussen alleguerten zesumme weiderschaffen, fir d'Problematik vun der Wëllschwéngspescht besser an de Grëff ze kréien. Wa mir déi ganz staark reduzéiert hunn, mengen ech, ass déi Gefor, dass d'Schwéngspescht iwwerschwappt op d'Hausschwäin manner grouss.

Mir wëssen, dass dat fir déi Betriber, déi dovu betraff sinn, e ganz grousse Verloscht ass. Esou laang wéi mir d'Schwéngspescht bei de Wëllschwäin hunn, stellt et eng Contrainte duer, wat d'Bewegungsfräiheet, also och den Handel, vun den Hausschwäin ubelaangt. Dëst bréngt fir d'Baueren direkt Schwieregkeeten an Akommesverloschter mat sech, déi mir deelweis kompenséieren, mä net ganz kënne kompenséieren, sou dass mir, leider Gottes, nach net um Enn vun eiser Bekämpfungsaktioun sinn. Mir wäerte weiderhi ganz streng Virsiichtsmoossnamen ergräifen, an alleguerten zesummen eist Bescht maachen, fir déi ganz Problematik esou schnell wéi méiglech an de Grëff ze kréien.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 248 vum Här Mars Di Bartolomeo un den Här Gesondheetsminister iwwert den Déconventionnement vun den Dokteren. D'Wuert huet den Här Mars Di Bartolomeo.

**- Question 248 de M. Mars Di Bartolomeo relative à la prochaine assemblée générale de l'Union des Caisses de Maladie et les discussions autour du déconventionnement des médecins**

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Freideg ass d'Generalversammlung vun der Union des Caisses de Maladie, wou de Budget fir d'Joer 2003 soll verofschiet ginn. Ech wollt an deem Zesummenhang eng Rei vu Froen un de Gesondheetsminister stellen, ënner anerem zur Diskussioun, déi laang duerch d'Land gaangen ass, iwwert den Déconventionnement vun den Dokteren, an zweetens iwwert déi Engagementer, déi geholl gi ware bei der letztjähreger Generalversammlung vun de Krankekeesen a schliesslech iwwer eng Moossnam, déi sech ukënnegt, dass an Zukunft homeopathesch Medikamenter hei zu Lëtzebuerg iwwerhaapt net méi remboursëiert géife ginn.

Zu dem éischte Punkt: An der leschter Generalversammlung hate sech d'Sozialpartner eens gesat, dass opgrond vun der Ënnercouverture bei enger Rei vu Prestatioune bei den Zänn, en internationalen Expär sollt agesat ginn, fir ze kucken, wou Handlungsbedarf hei zu Lëtzebuerg wär. Ech wëll drun erënneren, dass bei eenzelne Prestatiounen d'Krankekeese just e Brochdeel vun deem erëmbezuelen, wat déi Verséchert mussen ausginn. Ech ginn zwee kleng Beispiller: Bei enger Zahnspang, déi ronn 3.500 Euro kascht, leet d'Krankekeess en Drëttel oder 1.000 Euro bäi. Bei Brécken a Kroune ginn an der Zwëschenzäit 25 Prozent vun de Käschte just nach vun de Krankekeesen iwwerholl.

Mir waren eis eens, dass hei en Handlungsbedarf géif bestoen. De Wëlle war do, fir en Expär anzesetzen.

Éischt Fro un de Minister: Ass en Expär an der Zwëschenzäit - no engem Joer - fonnt? Huet hien ugefaang ze schaffen? Wat si gegebenenfalls d'Konklusiounen do eraus?

Déi zweet Fro, déi ech un de Minister hunn, ass, dass mir am Zesummenhang mat den Diskussiounen iwwert d'Krankekeese mat der Fuerderung vun den Doktere konfrontéiert waren, fir a Richtung Déconventionnement oder Deeldéconventionnement ze goen.

D'Regierung hat Ouverturë gemaach - mir erënneren eis dorun - mä déi Dier, déi d'Regierung opgemaach hat, ass hei an der Chamber zougemaach ginn, well keng Majoritéit bereet war op deen dote Wee ze goen. D'Regierung huet souwäit ech informéiert sinn, Konklusioune doraus gezunn an am Juli décidéiert, dass mir net op de Wee vum Déconventionnement géife goen. Souwäit meng Informatiounen awer reechen, huet d'Regierung sech engagéiert, fir den Doktere Kompensatiounen zoukomme ze loossen, an zwar iwwer eng Adaptatioun vun der Lettre clé, zweetens eng allgemeng Indexéierung vun den Tariffer, an drëttens iwwert d'Adaptatioun vun Tariffer fir verschidde Spezialitéiten.

Vu dass deen dote Punkt an der Generalversammlung vun e Freideg net virgesinn ass awer d'Regierung sech engagéiert hat, fir déi Moossnamen op den 1. Januar a Kraaft trieden ze loossen, wollt ech vum Minister wëssen, iwwer wat fir e Wee, d'Regierung déi dote Kompensatiounen da wëllt a Kraaft setzen a wéi se solle finanzéiert ginn?

Schliesslech déi lescht Fro: Op der Generalversammlung sollen, opgrond vun dem Gesetz iwwert d'Liste positive des médicaments, dat hei an der Chamber am Abrëll zur Sprooch komm ass, déi homeopathesch Medikamenter ersatzlos vun der Lëscht vun de remboursabele Medikamenter gestrach ginn. Am Klortext heescht dat, dass an Zukunft keen homeopathescht Medikament méi wäert remboursëiert ginn. Dat ass eng geckeg Evolutioun, wann ee weess, dass mir just amgaang sinn an enger Kommissioun iwwert d'Unerkennung vun der Médecine douce an alternativ Medizinnen ze diskutéieren.

Voilà, dat waren déi Froen, déi ech un de Minister wollt stellen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dat dote si relativ vill Froe mateneen. Ech wäert versichen, fir se esou wäit wéi méiglech a véier Minutten ze beäntwerten.

Déi éischt Saach, wat den internationalen Expär ubelaangt, bei all deem wat d'Zahntechniken ubelaangt, do hunn ech déiselwecht Fro virun der grousser Vakanz schréftlech un de President vun der UCM geschéckt, vu dass dat jo eng Décisioun war vun der Quadripartite vum leschte Joer. Mir hunn och dëst Joer, dat heescht de leschte Mount, nach an der Quadripartite doriwwer geschwat. Et huet sech erausfonnt, dass et ganz schwéier ass, en internationalen Expär ze fannen. Et war ee Moment gemengt ginn, mir hätten een zu Paräis fonnt. Deen huet elo ofgesot, huet eis awer eng aner Persoun uginn. De President ass zouversiichtlech, dass deen d'Saach unhëlt an dass d'ici peu d'Aarbechte kënnen ugoen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här Minister, deen huet och schonn an der Zwëschenzäit ofgesot.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Da musse mir weider sichen.

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Dir wësst, dass et net einfach ass, esou en Expär ze fannen, mä wéi gesot, dat dote läit am Kompetenzeberäich vun der UCM, och wann ech d'Saach honnertprozenteg ënnerstëtzen.

Déi zweet Saach, d'Fuerderunge vun den Dokteren: Dir hutt Recht, mir haten hei en Débat an der Chamber iwwert déi Saach. Mir hunn och opgrond vun der Quadripartite vum leschte Joer e sougenannte Groupe de travail agesat, wou sämtlech Partenaires sociaux dra waren. Dee Groupe de travail ass geleet gi vum Direkter vum IGSS. Dee Groupe de travail huet säi Rapport final de leschte Juli ofginn. Doropshin huet d'Regierung effectivement an hirer Sitzung vum 29. Juli verschidden Décisioune geholl.

Et stëmmt, dass mir net op de Wee gaange sinn, fir de Conventionnement ofzeschafen, vu dass en allgemenge Konsens war, mir sollte bei deem jëtzege System bleiwen. D'Regierung war awer - Dir hutt et scho gesot - der Meenung, vu dass d'Situatioun relativ kritesch ass bei den Dokteren, a ganz besonnesch a verschiddene Branchen, dass et am Intérêt vum Patient wier, fir den Dokteren, souwäit wéi dat ze verantwerte wär, entgéint ze kommen. Mir hunn doropshin décidéiert, fir eng nei Base fir d'Lettre-clé ze setzen, fir justement zäitweileg dee Mécanisme de compensation auszesetzen, well Dir wësst bis elo war et esou, wann een Tarif an d'Luucht gaangen ass, huet missen am Intérêt vun der Nomenclature anerer erofgesat ginn, sou dass déi Saach sech kompenséiert huet. Hei hu mir gesot, dass déi Saachen, déi nei agefouert ginn, effectivement géifen zu engem Coût féieren an dass een doduerch misst d'Lettre-clé nei adaptéieren, wat eis erlaabt am Intérêt vun der Nomenclature déi verschidde Correctiounen virzehuelen.

Ech muss och soen, dass iwwert déi dote Saachen de Moment eng sougenannt Discussion d'exploration gefouert gëtt zwëschent der AMMD an dem President vun der UCM, fir erauszefannen, wat déi Haaptfuerderunge vun der AMMD sinn, ob si berechtegt sinn an zu wéi engem Coût, dat géif féieren? Dat also zur Nomenclature an zur Lettre-clé.

Des Weidere ware mir der Meenung, dass déi Fuerderung vun der automatescher Upassung un den Index vun den Tarifs médicaux berechtegt wär. Net méi spéit wéi de leschte Freideg hu mir am Kader vum Projet de loi iwwert den Ajustement vun de Pensiounen eng Rei aner Ännerunge vum Code des Assurances sociales virgeholl, do ënnert anerem d'automatesch Indexéierung, sou dass déi kéint op den 1. Januar schonn applizéiert ginn.

Mir haten och nach aner Fuerderungen, wéi beispillsweis d'Iwwerhuele vun engem Deel vun de Parts patronales. Do ware mir der Meenung, dass dat sollt am Kader vun der globaler Revisioun vun der Lettre-clé gefouert ginn. Datselwecht ass och gülteg fir d'Primes d'assurances, wou mir mengen, dat Ganzt misst an engem Paquet traitéiert ginn.

Et sinn zwou Fuerderungen bliwwen, wann ech mech richteg erënneren. Eng dovunner war déi vun der Prime de première installation. Do ass d'Regierung bereet den Dokteren entgéint ze kommen an deem Fall, wou Pénurie an enger gewëssener Branche, sief et beispillsweis bei de Generalisten oder an enger Spezialitéit, wär. Mir haten dat iwwregens schonn an de 70er Joren. Deemools sinn déi Käschte gefouert ginn iwwert de Budget vum Ministère de la Santé.

Et ass eng lescht Fuerderung bliwwen. Dat war den Abattement fiscal bei der Nuetsaarbecht vun den Dokteren. Do huet de Minister vun de Finanze sech engagéiert, fir zesumme mat der Steierverwaltung ze kucken, wat an deem Domän ze maache wär.

Dir hutt d'Saach ugeschwat vun den homeopathesche Produkter, wou d'UCM oder de President vun der UCM wëllt am Kader, mengen ech, vum Reglement iwwert d'Liste positive des médicaments, déi Produkter ofschafen. Dir wësst, wa Produkter solle méi staark remboursëiert ginn, manner remboursëiert ginn, oder bäikommen op der Lëscht oder vun hir erofgeholl ginn, dass dat Décisioune si vun der Assemblée générale vun der UCM, wou de Conseil d'administration den Ordre du jour opzeechent. D'Assemblée générale hëlt déi Décisiounen de manière souveraine.

Ech muss allerdéngs soen, dass Dir ganz richteg ënnerstrach huet - dat heescht, dass ech och der Meenung sinn -, dass et effektiv de Moment e komplett falscht Zeeche wär, fir déi dote Produkter erofzehuelen. Mir hunn an der Déclaration gouvernementale stoen, dass mir géifen d'Méiglechkeeten examinéieren, fir déi eng oder aner Spart vun de Médecines alternatives ze remboursëieren. De Moment ass dat jo den Objet vun enger déif gräifender Diskussioun an der Kommissioun vun der Chamber. Ech mengen, et wär falsch, fir elo virun den Zuch ze lafen. Et soll ee fir d'éischt emol de Rapport final vun der Kommissioun ofwaarden, bis een Décisiounen hëlt. Mä op alle Fall kann ech soen, dass de Fait, fir déi homeopathesch Produkter vun der Lëscht erofzehuelen, fir mech ouni Zweifel e Schrëtt an déi falsch Richtung wär.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här Minister, gitt Dir och deementspriechend Instruktiounen un de staatleche Vertrieder an der UCM?

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Zweifelt Dir dodrun?

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Kee Moment.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Voilà, den Här Lux huet lech d'Fro beäntwert.

***(Hilarité)***

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 249 vun der Mme Renée Wagener un den Här Justizminister iwwert d'Situatioun vun de Flüchtlingskanner hei zu Lëtzebuerg. D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener.

**- Question 249 de Mme Renée Wagener concernant la situation des enfants de réfugiés qui sont nés au Luxembourg**

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Am Kontext vun den Ofschiebunge vun 23 Demandeurs d'asile vu leschter Woch, huet d'ASTI, d'Association de soutien aux travailleurs immigrés, d'Fro opgeworf, ob d'Regierung hei net e Kand vu Lëtzebuerger Nationalitéit mat fortgeschéckt hätt.

Dat Kand, dat virun annerhalwem Joer zu Diddeleng op d'Welt komm ass, wär laut den Elteren hiren Indikatiounen net a Jugoslawien agedroen an hätt also a priori keng Nationalitéit. Dat heescht et wär apatride. Domat, seet d'ASTI, hätt et laut eise Gesetzer automatesch d'Lëtzebuerger Nationalitéit.

Meng Froen un de Justizminister sinn déi heiten:

War dem Ministère dës spezifesch Situatioun bekannt? Huet hien also a Kenntnis dovunner dat Kand mat ausgewisen? Hätt dat net nach eng Kéier missen iwwerpréift ginn?

Zweetens: Huet de Ministère méi prezis Informatioune betreffend d'Aussoe vun den Elteren, dass d'Kand net a Jugoslawien agedroe

wier, a vun deem Certificat, mat deem si dat beluegt hunn?

Drëttens: Wéi ass dem Ministère seng Positioun par rapport zu den Aussoe vun der ASTI, dass et sech duerfir hei ëm eng illegal Ausweisung gehandelt hätt? Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei mat enger vu ville Falschinformatiounen ze doen, déi an deene leschten Deeg, am Kontext vun der gezwongener Réckféierung vun Asylbewerber aus Jugoslawien, mer zu Ouere komm sinn, respektiv déi geschriwwe gi sinn. Ech wéilt dorop agoen.

Éischtens, d'Ausso vum Här Kollwelter, déi d'Mme Wagener hei rappeléiert huet, deen dat zéng vir aacht, zur beschter Zäit, op RTL d'lescht Woch en Donneschdeg gesot huet, ech zitéieren: „Éischtmoleg an onser Geschicht gouf e Lëtzebuerger vun der Lëtzebuerger Regierung ausgewisen", déi ass juristesch falsch.

Et ass eng Ligen, well d'Lëtzebuerger Gesetz, dat zum Zäitpunkt vun der Gebuert vun deem Kand a Kraaft war - Dir wësst, d'lescht Joer hate mir een anert Nationalitéitegesetz - seet: „E Lëtzebuerger Kand ass e Kand, wat zu Lëtzebuerg gebuer ass, wat keng aner Nationalitéit huet." Haut seet d'Gesetz: „wann d'Eltere statelos sinn". E Kand, wat also keng aner Nationalitéit huet an zu Lëtzebuerg gebuer gëtt, ass e Lëtzebuerger Kand. D'jugoslawescht Gesetz seet genau dat nämlecht wéi d'lëtzebuergescht Gesetz, nämlech dass, wann ee vun den Eltere Jugoslaf ass, dann d'Kand automatesch duerch Gebuert och jugoslawesch ass, grad esou wéi ee Kand, wou ee vun den Eltere Lëtzebuerger ass, automatesch, duerch d'Ofstammung, duerch d'Gebuert, Lëtzebuerger ass.

Onofhängeg vun dem gesetzleche Rappel, deen hei wichteg ass, hunn och d'Jugoslawen dat bestätegt, well fir een auszeweise brauch ee bekanntlech Pabeiere vun de jugoslaweschen Autoritéiten. Mir hunn e Laissez-passer souwuel fir d'Eltere wéi fir d'Kand kritt. Si hunn domadder confirméiert, dass dat ee vun hire Statsbierger ass. Duerfir ass selbstverständlech op dësem Punkt och dës Ausweisung conforme zur Législatioun an eise Gesetzer.

Zweetens, et ass behaapt ginn, dës Ausweisunge wäre gemaach ginn a Violatioun vun der Verfassung, well den Accord de réadmission mat Jugoslawien net vun dësem Parlament approuvéiert gi wär. Ech rappeléieren hei, dass ee keen Accord de réadmission brauch, fir een auszeweisen. Et muss een en Accord fanne fir all Fall, wou een een ausweist, mat deem Land, wou déi Leit hierkommen. Dat ass hei fir all individuell Persoun gemaach ginn. Mir hunn all Kéiers d'Pabeieren um konkreten Dossier ugefrot a Jugoslawien, a mir hunn déi kritt.

Den Accord de réadmission, dee virun Ärem Parlament läit, a wou ech hoffen, dass e geschwë gestëmmt gëtt, vereinfacht just d'Prozedur, e mécht se méi schnell. Dat ass wesentlech fir zukünfteg Rapatriementer, net nëmmen a Jugoslawien, mä a vill Länner, well et leien eng ganz Rei där Accorden an dëser Chamber.

Drëttens ass oft behaapt ginn, mir géingen Aarbechtskräften an Osteuropa siche goen, awer dës Leit aus Jugoslawien heemschécken. Ech soen hei, dass Lëtzebuerg bis dato keng esou Accorde fir qualifizéiert Aarbechtskräfte verhandelt an ofgeschloss huet. Wann där gebraucht ginn, dann ass dat eng Fro, déi Dir nach herno kënnt diskutéieren an Ärer Debatt iwwert den Emploi. Dann, fannen eng Rei vun deene Froen Äntwerten an der Osterweiterung, mä ech mengen och d'wirschaftlech Situatioun réckelt dat an en anert Liicht. Ech soen hei nach eng Kéier: Et ass falsch, wann ee behaapt d'Regierung géing elo an Osteuropa Leit siche goen zur gläicher Zäit, wou se géing Leit a Jugoslawien heemschécken.

Véiert falsch Behaaptung: Ech hunn net gelunn, wéi ech d'lescht Woch gesot hunn, dass bei dësem Rapatriement eng illegal Waff fonnt ginn ass. Et huet sech heibäi ëm e Loftgewier mat Lunette gehandelt. Dat ass beschlagnahmt gi vun der Police. Do kann een net soen, wa Polizeibeamten dat behaapten an ech déi Informatioun der Press weiderginn, dass dat eng Ligen ass, wéi dat owes zur beschter Zäit op der Televisioun iwwert d'Antennë kënnt. Déi Faite sinn objektiv richteg. Ech wëll se duerfir hei nach eng Kéier behaapten.

Eng lescht Observatioun: Et gëtt elo gesot, déi Leit sëtzen do voller Angscht a fäerten, dass eng Kéier d'Police géing bei si kommen a si mat ewechhuelen. Ech soen hei nach eng Kéier am Numm vun der Regierung, dass mir d'Leit invitéieren, déi zu Lëtzebuerg vun eis, respektiv vun de Geriichter net als Flüchtling unerkannt gi sinn, fräiwëlleg organiséiert an hir Heemecht zréckzegoen. Da kënnt d'Police net laanscht. Mä mir soen awer grad esou däitlech, dass bei all deenen, déi sech net mat eis oder mat enger vun den ONGen, déi an deem Beräich täteg ass, zesummesetzen, fir hir Réckrees zu engem gemeinsam definéierten Datum festzeleeën, mir net laanscht gezwonge Réckféierunge kommen. Un där Politik hält d'Lëtzebuerger Regierung fest.

Ech soen lech merci.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech krut hei véier Äntwerten op Froen, déi ech net gestallt hunn, mä ech hu keng Äntwert op eng Fro, an zwar wat dee Certificat betrëfft. Déi hätt ech awer nawell gär gehat.

Ech hat gefrot, ob den Här Minister kéint Stellung dozou huelen, datt déi Eltere gesot hunn, si hätten en Certificat vun de jugoslaweschen Autoritéiten, datt hiert Kand net a Jugoslawien agedroe wär.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Ech hunn lech geäntwert, datt dat Kand automatesch opgrond vun de jugoslawesche Gesetzer Jugoslawesch ass, onofhängeg vun der Aschreiwung, grad esou wéi ënner Lëtzebuerger Gesetz gëtt een net Lëtzebuerger doduerch ...

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Dir wësst näischt vun deem Certificat?

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Ech weess éischtens näischt vum Certificat, an zweetens ass en irrevelant, well et gëtt een och net Lëtzebuerger doduerch datt een agedroen ass. Et gëtt ee Lëtzebuerger doduerch, datt ee vun den Eltere Lëtzebuerger ass, a grad esou gëtt ee Jugoslaw, wann ee vun den Eltere Jugoslaw ass.

M. le Président.- Dee Punkt ass ofgeschloss.

Déi Häre Jeannot Krecké a Lucien Lux hunn am Numm vun der sozialistescher Fraktioun eng Aktualitéitsstonn ugefrot iwwert d'Situatioun vum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart.

D'Riedezäit ass nom Artikel 78 festgeluegt, an zwar kritt déi Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, zéng Minutten, déi aner Fraktioune jeeweils fënnef Minutten, d'Sensibilité politique zwou Minutten, an d'Regierung eng Véirelstonn.

Et si bis elo schonn agedroen: déi Häre Weiler, Bettendorf, Gibéryen, d'Mme Wagener an den Här Urbany.

D'Wuert huet elo den Här Lucien Lux als Vertrieder vun der sozialistescher Fraktioun.

## 6. Heure d'actualité demandée par le groupe socialiste sur la situation du marché de l'emploi

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Merci Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Ralentissement vum Wuesstum hei zu Lëtzebuerg, a parallell och den Ustieg vun der Aarbechtslosegkeet, hunn ënnerschiddlech Reaktiounen hei am Land provozéiert, awer hu wuel eng Gemeinsamkeet, nämlech déi, fir eis erëm alleguerten an d'Bewosstsäin ze réckelen, datt e Problem, deen oft och am politesche Raum verdrängt, vergiess oder op d'liicht Schëller geholl gëtt, erëm ufänkt eis bewosst an importent ze ginn, nämlech d'Gespenst vun héijen Aarbechtlosenzuelen, wéi eis Nopeschlänner se scho säit Jore kennen.

Héije Wuesstum, héich Beschäftegungszuelen, eng dynamesch Diversifizéierung, eng aktiv Aarbechtsmaartpolitik ware während Joren d'Viraussetzung fir d'Aarbechtslosegkeet zu Lëtzebuerg ënnert dräi Prozent ze halen. Mir haten eis e bëssen dorunner gewinnt gehat, a waren dofir och relativ berouegt op deem Gebitt.

Fir Eenzelner vun eis war dat net onbedéngt esou, well déi Maxime, déi vläicht simplistesch kléngt, datt jiddfer Aarbechtslosen een Aarbechtslosen ze vill ass, dach awer e Kär Wourecht huet, nämlech deen, datt d'Tatsaach keng Aarbecht ze fannen, aarbechtslos ze sinn an eise Breedegrade wuel ee vun deene schlëmmste Verstéiss ass géint d'mënschlech Dignitéit an d'Essenz an d'Basis selwer vun all perséinlecher Entfalung touchéiert. E Verharmlose gëllt also net, well weder d'Zuelen nach déi eenzel Schicksaler, déi sech hannendru verstoppen, einfach op d'Säit geréckelt kënne ginn.

D'Demande vun der LSAP fir dësen Débat huet also virun allem den Zweck, dofir ze suergen, oder kloer ze maachen, datt e weideren alarmanten Ustieg vun der Aarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg iwwert déi eenzel Problemer, déi dat fir déi betraffe Leit an hir Familljen huet, eraus, fir eist Land dramatesch Folgen hätt, souwuel op dat gesamt gesellschaftlecht a soziaalt Liewen, wéi och op d'öffentlech Finanzen, op d'Finanzen innerhalb vun der Sécurité sociale, vun de Sozialversécherungen, den Aarbechtsloseversécherungen an esou weider.

Fir d'éischte Kéier, Kolleeginnen a Kolleegen, huet Lëtzebuerg um Gebitt vun der Aarbechtslosegkeet an der EU-Statistik en negative Rekord geschloen, nämlech deen, datt am Joresverlaf 2002 Lëtzebuerg den héchste relativen Ustieg vun der Aarbechtslosegkeet bei deene 15 Länner vun der EU hat, virun Holland an Éisterräich.

Ronn 6.000 Aarbechtsloser bedeiten effektiv eng substantiell Hausse, an d'Perspektive wéi se nach de Moie vum STATEC an der Finanzkommissioun gesot si gi vun engem Chômage, deen d'nächst Joer op 3,5% a vläicht esouguer driwwer wäert klammen, an och hir Previsioun, datt esouguer bei engem Wuesstum, deen an deenen nächste Jore bei 2 bis 2,5% géif bleiwen, dëse Sockel kaum erofzeféiere wär, weist, datt mir eis eeschthaft mat der Situatioun musse befaassen. Mir kréie jo all Dag Hiobsbotschaften, och aus esou Secteure wéi deem vun de Banken zum Beispill, déi eis Suerge maachen. An nach haut hu mir déi Noriicht kritt, datt eng bekannte wichteg Firma am Beräich vu Fiduciaire a Consulting 70 Leit wäert entloossen. Mat esou Nouvellë wäerte mer eis an nächster Zäit méi oft mussen ofginn.

Bis zum Joer 2000 war während ronn dräi Joer d'Zuel vun der Aarbechtslosegkeet all Joer méi niddreg an deemselwechte Joer wéi an deem Joer virdrun, a mir erliewen elo rasant de Géigendeel, wann ee gesäit, datt mer an den éischten néng Méint 15% méi Chômage hu wéi an deem Joer virdrun.

Ervirzehiewe sinn och déi 2.500 Persounen, déi vun enger Mesure pour l'emploi profitéieren, haaptsächlech jonk Leit. Dat sinn 13,7% méi wéi 2001 an esouguer 19,1% méi wéi an den éischten aacht Méint 2002. Trotz alle positiven Aspekter, déi un deene Beschäftegungsmoossnamen, déi mer jo säit ronn 1978 kennen, drun hänken, wësse mer an däerfe mer net vergiessen, datt dës Zuel och en Deel ass vun der Face cachée vun eiser reeller Aarbechtslosenzuel, a fir vill Betraffener vun esou Beschäftegungsmoossnamen, och mat Aarbecht, nach ëmmer Prekaritéit an Onsécherheet bedeit.

A wat d'Donkelziffer ubelaangt sinn natierlech och all déi Frontalieren ze nennen, déi hei zu Lëtzebuerg entlooss goufen an déi mer net esou richteg quantifizéiere kënnen, mä déi och an där Zuel, fir déi reell Situatioun um Aarbechtsmaart duerzestellen, misste mat berücksichtegt.

De STATEC huet dofir selwer, an zu Recht menge mir, e sougenannten Taux de chômage au sens large errechent, deen niewent deenen ageschriwwenen Demandeurs d'emploi och d'Beschäftegungsmoossnamen an esou weider matrechent, an e kënnt haut schonn an deem Taux de chômage au sens large zu engem Chômage, dee licht iwwer 4% läit. Dobäi kënnt, an dat wësst Der, datt d'Zuel vun den offene Plaze rapid zréckgaangen ass bis zu 30%.

Iwwerhaapt ass d'Beschäftegung zu Lëtzebuerg net méi an deene Wuesstumsraten, déi mer an deene leschte Jore kannt hunn. Hate mer nach 6,4% Zouhuele vun der Beschäftegung am Joer 2001, leie mer am Joer 2002 bis elo am Duerchschnëtt bei 4%, wat och déi ganz Entwécklung do weist.

Als Toile de fond vun allem, wësse mer, steet natierlech déi drastesch Senkung vun de Wuesstumsraten. Mir erënneren eis drun, datt de STATEC seng Prognose jo relativ rapid fir 2001 vu 5,1 op 3,5%, an duerno nach eng Kéier op 1% revidéiert huet, an och seng Previsioune fir 2002 an 2003 éischter op den ënneschte Level vu senge Fourchetten an der Tëschenzäit usiedelt.

Elo kënne mer Stonnen an Deeg laang streiden, wéi mer déi Entwécklung do aschätzen, wie se ze veräntwerten huet, a mat wat fir enger Method a mat wat fir engen Instrumenter mer dorobber reagéiere wëllen.

De Kolleeg Lucien Weiler huet virun e puer Wochen op RTL am Top Thema gesot, déi Situatioun do géif bei him nach kee Schweess op der Stir provozéieren. E géif allerdéngs d'Entwécklung fir alarmant halen. Dat war säi Wuert. Elo weess ech net wéi grav d'Situatioun muss sinn, ier de Kolleeg Weiler da wierklech Schweesspärelen op d'Stir kritt, awer Tatsaach ass, an ech mengen, do si mir eis alleguerten heibannen eens, datt dës Lag eis eeschthaft Suerge mécht, an datt mir d'Gefill hunn, datt d'Regierung sech an deene leschte Wochen a Méint där doter Situatioun an der Gravitéit, wéi se kënnt iwwert d'Land kommen, net bewosst war.

Mir wäerten net, am Géigendeel zu aneren, zum Beispill déi Säit der Musel, der Regierung integral de schwaarzen oder de bloe Péiter zouweisen. Mir kommen awer net ëmhin festzestellen, datt op enger Rei Gebitter e Mangel un Dynamik, un Esprit de bagarreur feelt, fir déi Situatioun do unzegoen.

Mir hunn zum Deel mat massive Steiererliichterunge fir d'Betriber viru Méint e wichtege Beitrag fir d'Attraktivitéit vum Wirschaftsstanduert Lëtzebuerg geleescht. Dorunner besteet keen Zweifel. Wann dës Regierung an dës Majoritéit allerdéngs gegleeft hunn, datt sech domadder alles zum Gudde géif regelen, an datt déi sougenannte Selbstheilungskräfte vum Maart, déi eis Liberal esou gär hunn, dozou wäerte féieren, datt dat um Aarbechtsmaart Wonner wäert bewierken, dann hu se sech fierchterlech gëiert.

Ech géif dofir gären am Numm vun eiser Fraktioun an där kuerzer Zäit, déi mer hunn, an ugesiichts der Tatsaach, datt dee léiwen Dossier, dee mer de Moien um zéng Auer nach kritt hunn, näischt fundamental Neies ausseet wéi déi Zuelen, déi mer u sech och an deene leschte Woche kannt hunn, dräi Messagen op de Wee ginn.

Den éischten ass, datt genau esou kloer festzestellen ass, an ech zitéieren hei den Télécran, dee geschriwwen huet: „Genauso ist unübersehbar, dass der Diversifizierungsmotor seit langem stottert", an: „Was Grethen zu den korrigierten Wachstumszahlen zu sagen hatte grenzt schlicht und einfach an politische und wirtschaftspolitische Verantwortungslosigkeit, passt aber zu seiner mageren Bilanz".

Esou prägnant formuléiert de Leitartikler am Télécran d'Situatioun, an awer menge mer, dass mer eis op ëmmer an éiweg un déi Rekordzuele vu Beschäftegungszouwuess winnen a sonne kënnen, obwuel mer duebel an dräifach falsch leien.

Ech wëll zwee Sätz aus der Foiresried vum Wirtschaftsminister virliesen, déi wéi en Aveu kléngen. Ech verkierzen op dat Wesentlecht: „Il est vrai que j'ai adapté la politique de diversification économique en mettant un accent particulier sur la mobilisation des capacités endogènes. Cette politique me semble s'imposer d'elle-même, au regard, entre autre, de la situation sur notre marché du travail". Doraus liesen ech: Ech hunn d'Ustrengungen no bausse gebremst, och ugesiichts där relativ gudder Aarbechtsmaartsituatioun.

Dat war e Feeler, wéi sech elo erausstellt. Mir musse par rapport zu där Vulnérabilitéit, déi eist Land huet am ekonomesche Beräich, praktesch am Zoustand vun der permanenter Diversifizéierung sinn. Hei feelt et un enger klorer Strategie an un där néideger Dynamik. Mir mussen, an dat hat d'Regierung sech virgeholl, déi administrativ Chargen an déi administrativ Lourdeur, déi Bürokratie, déi op de Betriber läit, ofbauen, fir doraus wierklech e Standuertvirdeel ze maachen.

Wann ech de Leitartikel vum Echo de l'Industrie vu gëschter liesen, da seet deen: „Ainsi le Luxembourg ne peut plus prétendre être un pays où les démarches administratives sont faciles et rapides à évacuer". An am Avis vun der Chambre des Métiers zum Statsbudget 2003 steet: „La Chambre des Métiers constate l'absence d'une politique véritable et volontariste de réduction des charges administratives". An nach een, de Guy Schuller, Conseiller am STATEC, huet eis an der neister Ausgab vum Forum an Erënnerung geruff: „Il serait important d'accorder une plus grande attention à la question de la confiance. Elle est inhérente à chaque contrat économique". Dat heescht och, dass déi Foiresried, wéi en Tageblatt-Leitartikler et geschriwwen huet: „Die falsche Rede zum richtigen Augenblick war". Astieg an d'Austeritéit anstatt Opbroch, Modérations écologiques anstatt d'Ecologie als Wuesstumswelt, Modérations salariales a sociales anstatt d'Kafkraaft

als en Deel vum Wuesstumsmotor ze gesinn.

D'Psychologie, dat wësse mer net eréischt säit dem Jacques Delors, ass an der Wirtschaftspolitik eminent wichteg. C'est bien râté, vun dëser Säit betruecht.

Déi reng Aarbechtsmaartpolitik mécht eis Suergen, och wann d'Zuelen, déi ech virdru genannt hu vun de Beschäftegungsmoossnamen, als positiv ze betruechte sinn. Et muss absolut Prioritéit bleiwen, datt dës Beschäftegungsmoossnamen nëmmen eng Bréck zum definitiven Aarbechtsmaart däerfe sinn. Mir stellen eis dann awer e puer Froen, zum Beispill déi, firwat dass dat, wat als e wichtegen neie Bestanddeel vum PAN-Gesetz a vum PAN-Accord dohinner gestallt ginn ass, nämlech bei de CAT-Kontrakter, méi e personaliséierte Suivi, Bilan des compétences, an esou weider, praktesch bis elo Lettre morte bliwwen ass?

Mir stellen eis d'Fro, ob mer kënnen esou weider fueren, dass d'Placeuren an hirer Aarbecht an der Moyenne mat 600 Dossiere pro Placeur konfrontéiert sinn an domadder och iwwerfuerdert sinn.

A mir stellen eis d'Fro, firwat, dass an eisen Aen déi legitim Demandë fir eng Personalverstäerkung och op deem Gebitt, Joer fir Joer ofgelehnt ginn.

Ech soen haut de Mëtteg viraus, datt d'Administration de l'Emploi, bei unhalender Hausse vun der Aarbechtslosegkeet, kuerzfristeg de wäisse Fändel wäert eraushänken, well se sech dann nëmmen nach op d'Roll Enregistrement a Verwaltung vun Dossiere wäert kënne beschränken.

Och stelle mer eis d'Fro, ob et richteg ass, wa mer iwwer e wichtege Beräich vun der Grënnermentalitéit schwätzen, datt zum Beispill esou e Projet wéi de Guichet unique PME net méi weidergefouert gëtt, wann déi zwou Patronatskummeren sech do finanziell erauszéien, an de Stat esou eppes net iwwerhëlt? Dat ass kee gutt Signal.

A schlussendlech d'Fro un de Minister, wéi mer an där kuerzer Zäit, déi eis nach bleift, et fäerdegbréngen, fir d'PAN-Revisioun bis den 31. Juli 2003 wierklech déifgrënneg an och am Accord an am Dialog mat alle Leit iwwert d'Bühn ze bréngen?

Schlussendlech, an da sinn ech fäerdeg, deen drëtte Message. Mir bleiwen dobäi, datt d'Fro vun der Aarbechtszäitgestaltung an der Aarbechtszäitverkierzung am politesche Raum zum Tabuthema ze erklären, an eisen Aen e politesche Feeler ass a bleift. D'PAN-Gesetz huet net zum Astieg an dat gefouert, wat deemools Flexsecurity genannt ginn ass: Op där enger Säit Flexibilitéit an op där aner Säit, als Präis dofir, Aarbechtszäitverkierzung ze kréien. Et war méi oft eng Einbahnstrooss. An dofir menge mer, datt op der Basis, och vun der Proposition de loi, déi mer ënnerbreet hunn, vun de Motioune vun eis, déi nach do leien an déi an den Débat vum nächste Joer sollen agoen, zum Beispill am Beräich vum Temps partiel, dass d'Politik, de Stat méi Acteur muss spille wéi Spectateur an där Fro, wéi en et am Moment mécht.

D'Konklusioun, mir brauchen eng nei Mobiliséierung, en neit Bewosstsinn, fir d'Gravitéit vun der Fro. Mir musse virun allem och d'Méiglechkeet notzen, déi Moossnamen, déi mer an de Gesetzer hunn, seriös ëmzesetzen, an dofir ze suergen, datt d'Aarbechtslosegkeet net weider esou wiisst, wéi se et am Moment amgaang ass. Ech hoffen am Numm vun eiser Fraktioun, datt dat nach ëmmer en Uleies ass, dat eis alleguerten heibannen och weider undreift.

Merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn u sech an enger schwiereger Situatioun, well ech no engem eminente Kenner vum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart hei muss Stellung bezéien, an dat a Remplacement vun engem anere grad esou eminente Member vu menger Fraktioun, de Marcel Glesener, deen haut net kann hei sinn.

Ech wëll direkt agoen op dat, wat den honorabelen Här Lux ganz zum Schluss gesot huet, wéi en d'Fro gestallt huet un de Minister, ob eis Zäit genuch géif bleiwen, fir bis zum nächste Joer d'PAN-Dispositiounen esou reforméiert ze kréien, wann et sech sollt als noutwendeg erweisen opgrond vu Bilanen, déi sollen a mussen erstallt ginn.

Am Joer 1999 hate mer eng Motioun gestëmmt, wou mer de Minister opgefuerdert haten, sech scho virum Oflaf vun där Frist ze konzertéiere mat de Sozialpartner. Esou wéi ech den Här Aarbechtsminister Biltgen kennen, ass dee sécher amgaang de Moment dat ze maachen, an dofir maachen ech mer elo emol nach net zevill Suergen, ob et eis net soll glécke bis d'nächst Joer dat doten iwwert d'Bühn ze kréien.

D'Vuen an d'Opfaassungen, déi den honorabelen Här Lux hei iwwert d'Situatioun vum Aarbechtsmaart gemaach huet, an de Chômage, dee mer de Moment feststellen, kann ech zu engem Deel novollzéien. Selbstverständlech ass een d'accord mat där Appréciatioun, déi e gemaach huet iwwert d'Gravitéit fir deen Eenzelen, wat dat bedeit, wann een am Chômage ass, iwwert déi mënschlech Schicksaler, déi do hannendru stinn.

Net d'accord sinn ech awer mat him, wann en trotzdeem versicht hei eng gewessen Dramatik an d'Situatioun um Aarbechtsmaart ze interpretéieren, och wann d'Zuelen an deene leschte Méint sech esou entwéckelt hunn, wéi mer se kennen, a prozentual héiert dat sech jo bei eis ëmmer formidabel un, well mer ganz schnell op e ganz héije Pourcentage kommen. En huet och hei geschwat vun der Donkelziffer, déi sech géif erginn aus dem Fait, dass déi licenciéiert, déi aarbechtslos Frontalieren net an eise Statistiken optauchen. Et muss een hei awer oppassen, dass een d'Differenz mécht tëschent dem Emploi national an dem Emploi intérieur. Wann een den Emploi intérieur hëlt, an et schwätzt ee vu Pourcentagen, da muss ee selbstverständlech och d'Zuel vun de Frontalieren a vun de Frontalierschômeuren mat erarechnen, esou dass een do awer ëmmer muss oppassen, dass een net Äppel mat Bire vergläicht. Mir hunn iwwregens och déi Fro mat dem STATEC an der Finanzkommissioun diskutéiert.

Wat mech freet, dat ass, dass den Här Lux hei der Tentatioun widderstanen huet aus där Situatioun elo hei wëllen e bëssen e klengkaréierte parteipolitesche Worf ze maachen. En huet den Här Grethen attackéiert, ech komme gläich nach eng Kéier dorobber zréck, mais pour le reste muss ech awer soen, dass et eng korrekt Appréciatioun…

***(Interruption)***

Neen, neen, ech wäert eppes iwwert d'Diversifikatioun soen.

Ech muss soen, op där anerer Säit steet awer déi Appréciatioun, déi hei ofgi ginn ass, am Widdersproch zu deem, wat zum Deel och d'Gewerkschaften, déi dobaussen um Terrain aktiv sinn, an och aner Organismen, Chambres professionnelles an esou weider, zur Situatioun an zur Politik vum Aarbechtsmaart vun der Regierung an deene leschte Jore gesot hunn. Déi gesinn d'Situatioun a kengem Mooss esou alarmant, wéi dat hei beschriwwe ginn ass.

Ech muss och soen, dass mir als Fraktioun u sech frou waren iwwert d'Reaktioun vun der Regierung a Präsenz vun deenen neie Chiffere wat d'Wirtschaftsévolutioun ubelaangt - an déi nei Chifferen, déi de STATEC virgeluegt huet, e Wirtschaftswuesstum vun nëmmen 1% fir d'Joer 2001, vun 0,5 bis 2% fir dëst Joer -, fir do net a Panik ze verfalen an ze soen, mir kucken a Rou, wéi mer déi dote Situatioun an de Grëff kréien an net direkt ze soen, mir spueren an, mir ginn Investissementer beschneiden, fir Equilibren um finanziellen Niveau hierzestellen. Dat wär ganz sécher e falscht Zeeche gewiescht, an dofir denken ech, datt déi e wéineg opgereegten Aart a Weis schonn alarméierend, mä trotzdeem net opreegt, wéi hei un déi neiste wirtschaftlech Daten erugaange ginn ass, datt dat scho richteg ass.

D'Situatioun um Aarbechtsmaart, Här President, évoluéiert, net dramatesch, wéi ech virdru gesot hunn, mä awer och net fundamental anescht wéi an deene leschte Joren.

Et wär schonn awer anormal gewiescht wann, op Grond vun där wirtschaftlecher Situatioun, an där mer nun emol dra sinn, bei eis vläicht e wéineg méi spéit - oder mer hunn et méi spéit erkannt - wéi an eisen Nopeschlänner, um Aarbechtsmaart keng Reaktiounen op déi dote Situatioun komm wären. Mir sinn haut bei plus ou moins 3% - 4%, deemno wéi en d'Rechnunge mécht mat den Aarbechtsbeschafungsmoossnamen. An ech wëll soen, dass, wat d'Struktur vun dem Chômage, wat déi strukturell Donnéeë vun eisem Chômage ubelaangt, mer awer nach ëmmer an enger Situatioun sinn, wéi mer se awer och scho virun enger Rei vu Jore kannt hunn.

Mir hunn op där enger Säit vill Leit, iwwert d'Halschent, déi nach ëmmer bannent sechs Méint eng nei Aarbechtsplaz fannen, mir hunn dräivéierel, déi bannent engem Joer eng nei Aarbechtsplaz fannen. Mir hunn nach ëmmer, esou wéi mer dat an der Vergaangenheet haten, ronn 1500, vläicht bis zu 2000 Leit, déi méi schwéier vermëttelbar sinn, well et Langzäitchômeure sinn. Dat sinn awer alles strukturell Donnéeën, déi haut net fundamental geännert hunn par rapport zu deem, wat mir virun enger hallef Dose Joren haten, och wa mir haut am Chômage an um Aarbechtsmaart erëm méi Leit mat mëttlerer an héijer Qualifikatioun fannen, wéi dat virun enger Rei vu Joren de Fall war. Dat ass awer och bedéngt duerch eng nei Struktur vun eisem Aarbechtsmaart.

Wa mer bedenken, dass an deene leschte fënnef Joer vun 1997 bis 2002 60.000 nei Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg geschafe gi sinn, da sinn dat zu engem groussen Deel net méi Aarbechtsplazen, wéi mer der ëmmer erëm an deene leschten 20 Joer kannt hunn. Et sinn och nei Zorte vun Aarbechtsplazen derbäi komm. Deementspriechend sinn och déi Leit, déi sech am Chômage haut erëmfannen, net onbedéngt an déi Kategorien anzeklasséieren, wéi dat fréier de Fall war. Mir wëssen, wourun dat zum Deel läit. Et ass déi reell Stagnatioun mat réckleefegen Tendenzen, wat d'Beschäftegung ubelaangt, am Finanzsecteur. Den Här Lux huet dat virdrun ugeschwat.

Déi Nouvellen, déi mer haut kritt hunn, sinn u sech schonn alarméierend, wann ee gesäit, dass ee Betrib elo weider substanziell ofbaue wäert. Et ass virun allem am Beräich vum Finanzsecteur, vun deem mer jo awer wëssen, dass en an deene vergaangene Joren esou héich an dem Astellungsverhale war, dass et wierklech schonn extrem aggressiv war, dass, elo, wou et wirtschaftlech méi lues geet, et selbstverständlech do ass, wou och am éischten ofgebaut gëtt. Dat schéngt eis normal ze sinn. Et ass just ze hoffen, dass deen Abroch, dee sech am Moment op der Finanzplaz deet, a Grenze ka gehale ginn.

Ech hu gesot, wa mer vun 1997 bis 2002 60.000 nei Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg geschafen hunn, 60.000 nei Aarbechtsplazen, déi mat 40.000 Frontaliere besat gi sinn, da gesäit e jo awer, dass, wa mer hei zu Lëtzebuerg vun 5 oder 6000 Chômeure schwätzen, a mer hu vun deene 60.000 Aarbechtsplazen 40.000 mat Frontaliere musse besetzen, et net eng Fro vun Aarbechtsplazen u sech ass, mä dass et eng Fro vu Qualifikatioun ass, eng Inadaptatioun vun deene Qualifikatiounen, déi mir hei offréieren, mat deem, wat um Aarbechtsmaart gefrot gëtt.

Da wëll ech awer hei e Wuert - well meng Zäit schonn ofgelaf ass, Här President - soen zu deem, wat den Här Lux gesot huet iwwert den Diversifikatiounsmotor, dee géing stotteren. Ech hunn och gelies, an engem Communiqué vun der sozialistescher Partei, direkt no deenen neiste Chiffere vum Statec, dass hei gesënnegt gi wär, dass de Wirtschaftsminister seng Aarbecht net gemaach hätt. Ech stelle just fest, wann ech d'Chiffere kucken, dass an deenen dräi an en halleft Joer, wou dës Regierung elo am Amt ass, mer hei zu Lëtzebuerg grad esou vill nei Betriber kritt hu mat grad esou vill neien Aarbechtsplazen a mat engem selwechte Volumen u Finanzmëttelen, déi investéiert gi sinn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- A wéini sinn déi Décisiounen dann do geholl ginn? Well et ass jo näischt, wat een haut décidéiert a wat muer geschitt.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Et sinn der jo och wahrscheinlech schonn haut décidéiert ginn, déi awer nach net do sinn, déi eréischt an nächster Zäit sech hei wäerten entwéckelen. Et ass jo awer e permanente Floss, Här Krecké, dat wësst Der jo.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Mä, si si mol nach net ugekënnegt, also si se och nach net geschwënn do.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Jo dach. De Statsminister huet virun 3 Wochen eng ugekënnegt, déi sech an deenen nächsten dräi Méint wäert doen. Déi 39 nei Aktivitéiten, déi sech hei gedoen hunn, hat den Här Goebbels dach och net alleguerte viru Juni 1999, ier d'Wieler d'Sozialisten ofgewielt hunn, ugekënnegt. Déi sinn an der Zwëschenzäit komm. Do sinn der derbäi, wou d'Initiativ nach ënnert der leschter Regierung geholl ginn ass, mä et sinn der awer och e ganze Koup ënnert dëser geholl ginn. Wann Dir fundamental d'Aarbechtsplazen, d'Zuel vu Betriber an de Capital investi kuckt, dann ass an deene leschten dräi Joer esou vill hei geschitt wéi an deene leschten dräi Joer vun der leschter Koalitioun, deementspriechend loossen ech de Virworf net gëllen, dass hei den Diversifikatiounsmotor géing stotteren.

***(Interruption)***

Här President, mir hu jo awer an deem leschte Joer, oder an deene leschten 18 Méint, gemeinsam hei am Parlament - an et hunn och vill vun de Kolleege vun der Opposition matgestëmmt - eppes gemaach, fir eis Ekonomie kompetitiv ze halen, um steierleche Plang virun allem.

Wann ech do bedenken - an da wëll ech ofschléissen, Här President -, an et ass nach net esou ganz laang hier, wat Kolleege vum ADR, hei fir Fuerderungen opgestallt hunn, an dass, ofgesi vun all deene Mesuren, déi mer geholl hunn, fir d'Betriber ze ënnerstëtzen, mir eis haut an där dote Situatioun erëmfannen, da soen ech, wa mir dat gemaach hätten, wat wirtschaftspolitesch hei gefuerdert ginn ass, nämlech e voluntaristesche seriöse Coup de frein vun der Regierung fir eis Ekonomie, dee mer hätte misse maachen, an der anscheinender Euphorie vun de 700.000 Awunner, dann, Dir Dammen an Dir Hären, froen ech mech, wou mer haut géinge stoen, net nëmmen, wat d'Finanzen vun dem Stat hei ubelaangt,…

***(Interruption)***

...mä virun allem, Här President, virun allem, wat de Chômage ubelaangt.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Här President, kuckt emol, wann et jo esou einfach wier, fir Wirtschaftspolitik ze maachen, wéi den Här Gibéryen dat hei proklaméiert, mäi Gott, da bräichte mer nëmmen een eenzegen ….

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Et ass jo net Är Schold, dass et esou zréckgaangen ass!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Also, Här Gibéryen, Dir wäert jo elo net soen, dass mer net weltwäit, europäesch an national gesinn, e formidable Réckgang hunn, deen hei zu Lëtzebuerg méi spéit bemierkbar ginn ass, wéi dat an deenen anere Länner de Fall ass. Dir wäert jo awer elo net där heiteger Regierung dat imputéieren!

***(Interruption)***

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wann et eropgeet, ass et Äre Verdéngscht, wann et erofgeet, ass et net Är Schold!

***(Interruptions)***

M. le Président.- Léif Kolleegen, ech mengen, Dir sollt ophalen ëmmer ze ënnerbriechen. Dat zielt fir deen een, ewéi fir deen aneren. Wann een dauernd polemiséiert, dann dauert d'Sitzung och méi laang. Loosst den Här Weiler dach de Schluss maachen.

***(Interruption)***

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här Fayot, ech iwwerloossen lech d'Tribün ganz gär.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Dir sidd haut ganz fein.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Wa mir dat gemaach hätten, wat hei vun de Kolleege vum ADR gefuerdert gi war, dat heescht, mir wäre ferm op d'wirtschaftlech Brems getrueden, fir eis Ekonomie ze bremsen, da géife mir vu ganz anere Chiffre vum Chômage schwätzen, wéi déi, mat deene mer haut konfrontéiert sinn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. D'Wuert huet den Här Bettendorf.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Aarbechtslosegkeet ass en Thema, dat eis alleguerten um Häerz läit an dat, ech sinn iwwerzeegt dovun, onofhängeg vun eise politeschen Orientatiounen. Fir de Betraffenen ass de Verloscht vu senger Aarbecht eng schwéier Épreuve an dat net nëmmen um finanzielle Plang. Déi 6000 Bierger, déi am Ablack hei zu Lëtzebuerg eng nei Schaff sichen, sinn der genau 6000 ze vill, a mir mussen hoffen, dass se esou séier wéi méiglech eng Aarbecht kréien. Dee Problem kënne mer net verharmlosen, am Géigendeel. Ech wëll awer drop hiweisen, dass den Niveau vum Chômage hei zu Lëtzebuerg mat 3%, nach ëmmer wäit den niddregsten an der Europäescher Unioun ass.

Här President, mir sollten eis nach eng Kéier virun Aen halen, dass dat makroekonomescht Ëmfeld, an deem mir eis befannen, dat

schwieregst ass säit méi wéi engem Joerzéngt. Ier mer hei iwwert d'Effikassitéit vum PAN-Gesetz debattéieren, misste mer eis also froen, wéivill vun der Verschlechterung um Aarbechtsmaart einfach op d'Konjunktur zréckzeféieren ass, dat heescht awer net, dass mer eis par rapport zu där Situatioun déresponsabiliséieren, am Contraire:

Ech wëll nach eng Kéier un déi Steierreform erënneren, déi dës Regierung an d'Weeër geleet huet. Hei goufen am Viraus vum Stat d'Weiche gestallt, fir et de Betriber ze vereinfachen, an deem schwieregen Ëmfeld besser eens ze ginn an Aarbechtsplaze kënnen ze erhalen. Et gëtt och oft vergiess, dass d'Steierreform d'Haushalter sensibel entlaascht huet an de Konsument esou gestäerkt huet.

Wat ech domat wëll soen ass, Dir Dammen an Dir Hären, dass dës Regierung dat fiskaalt Instrument agesat huet, fir d'Demande unzekuerbelen an eis Firme kompetitiv ze erhalen. Mir kënnen iwwerzeegt sinn, dass dës Moosname geschwë wäerten hir Friichten droen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Finanzindustrie, dee Secteur, dee Lëtzebuerg iwwert déi lescht Jorzéngte vill Wuelstand bruecht huet, stécht de Moment an enger Kris, dat ass gewosst. Et vergeet knapps ee Mount, wou weltwäit net erëm eng vun de grousse Banke Restrukturéierungspläng annoncéiert, wou Dausende vu Leit sollen entlooss ginn. An engem globale Secteur wéi d'Finanzindustrie, ass Lëtzebuerg natierlech net vun deem Phenomeen verschount.

Et ass kee Geheimnis, dass och d'Finanzplaz Lëtzebuerg de Moment méi lues dréint. Ech sinn dofir iwwerzeegt, dass d'Diversifikatioun deen eenzege richtege Wee ass, fir dësem Zyklus net voll ausgeliwwert ze sinn. D'Demokratesch Partei - an net eleng d'Demokratesch Partei -, déi respektiv Wirtschaftsministeren an och den heitegen, hu sech ëmmer dofir agesat, fir nei Industrien a Firmen op Lëtzebuerg ze kréien. Mä mir wëllen haut awer och net méi egal wat fir e Betrib op Lëtzebuerg kréien. Mat 100.000 Frontalieren däerf d'Zuel vun den neien Aarbechtsplazen net méi eleng ausschlaggebend sinn, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Muss ech dorun erënneren, dass mer vill Betriber an d'Land kritt hunn, déi sech just hei zu Lëtzebuerg ugemellt hunn, dës Säit der Musel, fir einfach méi en angenehmt soziaalt Ëmfeld virzefannen, wat ganz oft net méi war, wéi fiktiv Aarbechtsplazen, déi hei zu Lëtzebuerg geschafe gi sinn.

Wat effektiv zielt, dat sinn d'Plusvaluen, déi déi nei Betriber eis bréngen, an dat ouni eis Ëmwelt ze belaaschten. Mir brauche Betriber, Firmen, déi nohalteg zur Entwécklung vun eisem Land bäidroen. Am Joer 2000 an 2001 sinn net manner wéi 29 nei Aktivitéiten op Lëtzebuerg komm. Et ware 730 nei Aarbechtsplazen, déi geschafe gi sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et bleift wichteg fir d'Diversifikatioun weider ze promovéieren an ze probéieren zousätzlech nei Aktivitéiten um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart ze implantéieren. Lëtzebuerg huet Stäerkten, déi mer weiderhi mussen notzen. Mir hu mir gutt forméiert Aarbechtskräften, déi oft e puer Sprooche beherrschen. Mir bidden de Firmen en interessante steierleche Kader un, an de Stat hëlleft de Firmen aktiv fir sech hei nidderzeloossen.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, de Plan d'action national en faveur de l'emploi, d'PAN-Gesetz, huet vill erreecht, obwuel mer Schwieregkeete wäerten hunn, dat genau mat Zuelen ze beleeën. Déi verschidde Mesure si wichteg a sollen och weiderhin agesat ginn ouni awer - an dat betounen ech - eng Konkurrenz zu den eenzelne Secteuren duerzestellen, Secteuren, déi selwer mat Schwieregkeeten ze kämpfen hunn.

Leider ass d'Situatioun op eisem Aarbechtsmaart awer virun allem vun der Konjunktur ofhängeg, an do musse mir Politiker eis Responsabilitéit huelen, fir Lëtzebuerg kompetitiv ze erhalen, andeems mir en attraktive steierlechen a rechtleche Kader behalen, eisen Aarbechtsmaart flexibel loossen a weiderhin den Akzent op Formatioun setzen. Et muss weider diversifizéiert ginn an an Industrien investéiert ginn, déi nohalteg zu eisem Wuelstand bäidroen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hu versicht, mech ongeféier un déi Zäit ze halen, déi virgi war. Ech hätt nach vill ze soe gehat, mä ech mengen, et ass och Héiflechkeet vis-à-vis vum Parlament, wann ee sech u seng Zäit hält.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President.

Ech mengen déi Heure d'actualité, déi mer haut opgrond vun enger Demande vun de sozialistische Kolleegen hunn, ass schonn eng Diskussioun déi derwäert ass, datt se zu dësem Zäitpunkt gefouert gëtt. Leider ass et eng Heure d'actualité an eis Zäit, fir op déi grouss Problematik, déi mir haut zur Debatt hunn, am Detail anzegoen, ass dach awer kleng. Ech wëll mech duerfir vläicht e bësse méi punktuell festhalen, fir net ze vill Zäit ze verléieren.

Ech wëll kuerz e puer Chifferen nennen iwwert d'Entwécklung vum Chômage hei zu Lëtzebuerg. Et sinn der virdru scho vu verschiddene Säiten hei opgezielt ginn, mä ech wollt am Fong, well mer jo hei eng Debatt maachen, wou mer kucken, wat d'Regierung wëllt an dëser Situatioun maachen, mech och op d'Zäit, wou dës Regierung am Amt ass, méi limitéieren.

A wa mer da kucken d'Zuel vun de Chômeuren, wéi se am Juni 1999, also wéi dës Regierung ugetratt ass, war: Do hate mer 4.888 Demandeurs d'emplois. Am September dëst Joer hate mer der 5.922. Dat sinn 1.034 oder 21,15% méi Demandeurs d'emploi, déi ageschriwwe waren.

Bei der Mesure d'emploi waren der am Juni 1999 1.827 an haut 2.503. Dat sinn der 676 oder 37% weider. Am Total waren et der, wéi dës Regierung ugetratt ass, 6.715 an haut hu mer der 8.425. Dat heescht also 1.710 Leit weider, oder 25,46%.

Här President, firwat nennen ech déi heiten Zuelen? Mä well ëmmer versicht gëtt an den offizielle Publikatiounen, fir den Taux vum Chômage nëmmen a Relatioun ze stelle mat deene Leit, déi um Marché intérieur beschäftegt sinn. Da bleiwe mer selbstverständlech bei 3% oder, jee nodeem wéi ee kuckt, bei deene 4%, eben doduerch, datt d'Beschäftegungszuel insgesamt hei am Land an d'Luucht gaangen ass, mä d'Zuel vun de Chômeuren huet sech awer bannent dräi Joren ëm e Véierel, wat d'effektiv Zifferen ubelaangt, vergréissert.

Dat ass schonn en dramateschen Ustieg vu Leit, déi no enger Aarbecht sichen hei am Land, ouni datt mer derbäi, wéi dat virdru gesot ginn ass, déi Leit kucken, déi mer als Frontalieren op eisem Aarbechtsmaart entloossen, an déi da statistesch an den Nopeschlänner gefouert ginn. Et muss een awer och kucken, an där Zäit wou d'Regierung hei am Amt ass, d'Entwécklungszuel vun de Frontalieren.

Mir haten am Juni 1999 70.643 Frontalieren, a mir kommen elo un d'Grenz vun 100.000 erun, dat heescht also 28.000 Frontalieren hu mer an deem Zäitraum, wou dës Regierung am Amt ass, weider agestallt am Land, hinnen eng Beschäftegung ginn, an domadder och de Chômageproblem an eiser Grenzregioun zum Deel geléist.

Froe stelle sech, déi mer hei mussen diskutéieren. Wéi ass et méiglech, datt mer esou ville Leit weider Plazen hei um Aarbechtsmaart kreéieren an et net fäerdeg bréngen iwwer 8.000 Leit, déi hei am Land Résidente sinn, an den Aarbechtsmaart ze integréiert?

Et ass also net e Problem vun der Offer, well d'Offer ass esou rapid an deene leschte Joren an d'Luucht gaangen, wéi ni zevir, mä et ass eng Problematik vum Plazéiere vun deene Leit. Och wa mer haut verschidde Branchen am Land kucken, ech ginn zum Beispill an d'Branche vun den Immobilien eran, stelle mer fest, datt mer vun 1997 bis haut 2002 bal 10.000 Frontalieren an deem Secteur plazéiert kruten. Mir hunn der am Transport iwwer 5.000, an der Constructioun 4.000, an am Commerce hu mer der iwwer 5.000 plazéiert kritt.

Wa mer an d'Hôteleriesbranche ginn, stelle mer fest, datt mer 90% Net-Lëtzebuerger do schaffen hunn. An der Constructioun 88% Net-Lëtzebuerger, am Immobiliesecteur 84% an an der Industrie 67%, an datt mer wuel Leit genuch hei am Land hunn, fir een Deel vun deenen Aarbechten ze maachen, mä datt mer se awer net dohinner plazéiert kréien.

Dat huet zum Deel mat der Formatioun ze dinn, datt eis Leit net déi Formatioun hunn, déi se missten hunn. D'Wuert PISA, dat seet eis alles an deem Kontext.

Mer mussen also versichen, eise Leit eng Formatioun ze ginn, déi méi aarbechtsmaartorientéiert ass, a mer mussen och vläicht de Courage hu fir déi Leit, déi eben net déi Formatiounen hunn, dann awer ze incitéieren an déi Secteuren eranzegoen, wou an der Regel d'Lëtzebuerger oder d'Résidente mengen, net méi bräichten hinzegoen.

Wa mer gesinn, datt mer a verschiddene Secteure quasi zu 80, 90% keng Leit méi vun eiser Nationalitéit dra fannen, da musse mer och vläicht zu eise Leit soen, dass dat Secteure sinn, wou och Lëtzebuerger kënnen dra schaffen.

Mir hunn hei am leschte Joer eng grouss Steierreform vun de Betriber gemaach, déi gutt war, an déi d'Betriber am internationale Konkurrenzkampf sécherlech entlaascht huet. Mä mir wëssen awer, dass och d'Nopeschlänner do Démarchë maachen, an dass dat net alles wäert bréngen. Mir hunn dat och scho gesinn.

Eiser Meenung no, ass vergiess ginn, dass et virun allem eis mëttelstänneg Betriber sinn, déi am Ableck ganz vill Problemer hei am Land hunn. Hei huet d'Regierung sécherlech iwwer Joren diskutéiert, awer keng Akzenter gesat, déi eise mëttelstännege Betriber wierklech géifen hëllefen, fir méi Aarbechtsplazen ze schafen.

Et muss ee wëssen, dass e gesonde Mëttelstand eng stabil Basis fir eng Aarbechtsmaartpolitik ass, an dass e gesonde Mëttelstand net kënnt mat esou Hiobsbotschaften, wéi mir se vun deene grousse Betriber kréien, wou d'Décisiounen am Ausland geholl ginn, a wou dann op ee Coup 80, 100, oder méi Leit entlooss ginn.

Dat géif eis bei eise mëttelstännege Betriber net passéieren, an dofir menge mir, dass een nach misst méi intensiv an eis mëttelstänneg Betriber investéieren. D'Charge administrative - ass virdrun hei ugeklongen - däerf keng Belaaschtung fir d'Betriber sinn, mä eis Verwaltunge mussen eng Ënnerstëtzung fir d'mëttelstänneg Betriber sinn.

Och d'ADEM ass an enger ganzer Rei vu Punkte verbessert ginn, an ech mengen d'Dokumentatioun, déi mir haut de moie kritt hunn, huet dat och bewisen. Mä mir hunn och scho viru Joren drop higewisen, dass een an eiser ADEM vläicht méi aggressiv op dem Aarbechtsmaart misst virgoen. Mir hunn deemools souguer geschwat, wann dat net de Fall wär, dass een dann eventuell misst drun denken, fir um Privatsecteur Méiglechkeeten ze schafen, datt Gesellschafte sech géife kreéieren, déi Leit géife plazéieren an déi dann ebe pro Placement géife bezuelt ginn. Eiser Meenung no, kënnt eng gesond Konkurrenz op deem Secteur och nëmmen de Leit zegutt. Et ass de Leit schliesslech zum Schluss egal, wien hinnen eng Aarbecht sicht, d'Haaptsaach ass, se hunn eng Aarbecht.

Bei all deene Chiffere gesäit een, dass eng Zuel an d'Luucht geet, dat ass déi vun de Beschäftegungsmoossname par rapport zu der paralleler Solidarwirtschaft. An och do si mir der Meenung, dass ee muss oppassen, wouhinner se sech entwéckelt.

Ech hu virun enger Rei vu Méint eng Question parlementaire gestallt, fir emol de Chiffer an d'Evolutioun ze kréien. A wa mir gesi wéivill Leit vun Organisatiounen, déi vu Gewerkschaften an d'Welt gesat gi sinn, haut do beschäftegt ginn, a wéivill dass dat ënnert dem Strich kascht, a wann ee géif de Rendement kucken, dat heescht, wéivill Leit sech iwwert dee Wee eng fest Aarbechtsplaz verschaaft hunn, da géife mir gesinn, dass de Rendement relativ kleng ass.

Net nëmmen, dass dat eng grouss Konkurrenz fir de Mëttelstand a fir d'Handwierker ass, mä, wa mir dem Mëttelstand an dem Handwierk déi Aarbecht an dat Geld géifen zur Verfügung stellen, géife sécherlech fest Aarbechtsplazen op deem Niveau geschafe ginn. Mir stelle fest, dass dat net esou ass.

Een anere Punkt, Här President, deen ech nach wollt kuerz uschneiden - well ech gesi meng Zäit ass och schonn ofgelaf - dat ass dat, wat de Lucien Weiler…

Une voix.- Scho laang!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Nach net esou laang, wéi dem Här Lucien Weiler seng ofgelaf ass. Ech sinn do Realist, well ech et alt méi fréi mierken.

Den Här Weiler huet hei virdru gesot, Här President, dass d'Zuel vun deene Leit, déi länger Zäit géifen drop waarden, fir eng Aarbecht ze kréien, nach ëmmer konstant wär. Ech liesen aus deenen Tabellen, déi mir haut de Moie vum Ministère kritt hunn, dass an allen Échelonen - ob dat 1, 2, 3, 6 oder 12 Méint oder méi Méint sinn - haut méi Leit als Demandeur d'emploi ageschriwwe sinn.

Leider ass d'Zäit ofgelaf, ech wëll awer just nach kuerz op dee Reproche, deen den Här Weiler gemengt huet un eis Adress unzebréngen, äntweren. Et ass richteg, dass mir ugaangs dëses Joers gesot hunn, dass mir keen Intérêt als Land hätten, fir all Joer ee Rekordwuesstum ze maachen, mä dass ee soll hei am Land versichen ee vertrietbare Wuesstum ze realiséieren. Dat, wat den Här Weiler nach net wousst, wéi en hei an d'Oppositioun gaangen ass - et ass haut jo net fir d'éischt vis-à-vis vun där Ausso -, datt ier mir dat gesot hunn, d'Regierung schonn ee Joer virdrun vill méi ferm gebremst hat. Se huet nämlech eréischt am September dëst Joer festgestallt, dass d'lescht Joer, also 2001, de Wuesstum nëmmen ëm 1% war. Dat heescht, d'Regierung war laang virun eis op déi Iddi komm, et sief dass d'Regierung géif soen, si hätt an der Économie politique hei keen Affloss, an dat wär rengen Zoufall vu bausse gewiescht.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. Mme Wagener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci Här President.

Ech wéilt mech hei zum Porte-parole vum Här Bausch maachen, dee fir d'Chamber op Missioun ass, an dofir net kann hei sinn.

Här President, dir Dammen an dir Hären, all Chômeur ass ee Chômeur zevill, well hannert all Chômeur verstoppt sech ee mënschlecht Schicksal. Dofir muss et fir all Politiker a Politikerin eng iewegt Prioritéit sinn, fir de Chômage ze bekämpfen, och an engem Land, dat frou ka sinn, wann et zu engem Moment, wou an deene meeschten EU-Länner d'Erwerbslosegkeet tëschent 6, 9 bis 10% läit, se hei am Land nëmmen op 2 bis 3% kënnt.

***(M. Jean Asselborn prend la Présidence)***

Lëtzebuerg huet eng speziell Situatioun. Mir befannen eis an enger Groussregioun mat engem Aarbechtsmaart vun ongeféier 1 Million Menschen, fillen eis awer praktesch nëmme fir en Deel vun där Aarbechtskraaft als Nationalstat responsabel. D'Wirtschaftsdynamik an dëser Groussregioun geet awer ganz däitlech vum Motto Lëtzebuerg aus, a ganz sécherlech hëlleft Lëtzebuerg do mat, dass och a Rheinland-Pfalz, am Saarland, a Lothringen an an der belscher Provënz Lëtzebuerg d'Aarbechtslosegkeet net méi héich ass.

Mir hunn dofir, wat den Netto-Emploi ubelaangt, eng ganz eegenaarteg Situatioun. Mir si sécherlech dat eenzegt Land an der EU, wou den Netto- Beschäftegungsvolume permanent wiisst, an dat souguer an Zäiten, wou de Wirtschaftmotor wesentlech méi lues dréit. 2002 wäert et trotz engem fir Lëtzebuerg ganz schwache Wuesstum vu knapps 0,5% vum PIB awer nach zu engem Wuesstum vun 3% vun eisem Netto-Beschäftegunsvolume kommen. An deene leschten zéng Joer sinn hei am Land 10.000 nei zousätzlech Aarbechtsplaze geschafe ginn, an trotzdeem hate mir bestänneg e liichte Chômage, mat am Moment enger Tendenz zum Usteigen.

Mir kënnen haut sécherlech feststellen, dass all Mesuren, déi iwwert dat sougenannte PAN-Gesetz getraff gi sinn, näischt dozou bäigedroen hunn, fir eppes Wesentleches un eise Chômagezuelen ze verbesseren.

Dëst erstaunt eis als Gréng net, well mir sinn der Iwwerzeegung, dass vun der Politik aus vu falsche Standpunkten aus versicht ginn ass, den Aarbechtsloseproblem ze bekämpfen. Ech wëll an deene 5 Minutte Riedezäit, déi mir zur Verfügung steet, dräi Punkten opzielen, fir ze verdäitlechen, firwat dass eis Chômagebekämpfungspolitik net gräift.

Éischtens: Amplaz reng national Beschäftegungspläng opzestellen, misste mir éischter an d'Richtung goen, fir regional ze denken an och Mesuren ze ergräifen. Bei all eisen Iwwerleeunge misste mir vun der Erwerbstätegkeet vun der enger Million Menschen aus der Groussregioun ausgoen, an net nëmme vun deenen Erwerbstätegen, déi hei am Land wunnen.

An engem Europa, wou de fräie Floss vu Kapital an Aarbecht besteet, muss grad ee klengt Land wéi Lëtzebuerg, regional denken an och handelen. All Chômagebekämpfungspolitik, déi déi regional Bedeitung an Unzéiungskraaft vu Lëtzebuerg an der Saar-Lor-Lux-Groussregioun ignoréiert, verfeelt hiert Zil. Nach ëmmer denke mir am socio-ekonomesche Beräich vill ze vill national, wann et drëm geet, Modeller a Léisungen, fir zum Beispill d'Chômagebekämpfung unzegoen.

Zweetens: Mir hunn zu Lëtzebuerg sou ze soe kee konjunkturellen, mä quasi nëmme strukturelle Chômage. Aus soziale Grënn schwéier plazéierbar Leit, eng deelweis verfeelte Beruffsorientéierung, en net méi un déi heiten ekonomesch Welt ugepasste Bildungsystem - Stéchwuert PISA -, dat sinn déi wesentlech Barrièren, déi et bei der Chômagebekämpfung ze iwwerwanne gëlt. Hei huet och dës Regierung et kaum fäerdeg bruecht, verdéifte Reformen unzepaken.

Drëttens, si mir zu Lëtzebuerg nach ëmmer am Schlusspeloton, wat d'Fraen an der Erwerbstätegkeet ubelaangt. Aus villfältege Grënn - Chancëgläichheet, Securité sociale, besser Notzung vun den einheimeschen Aarbechtskräften am Kontext vun enger nohalteger Entwécklung -, musse mir awer d'Fraenerwerbsquot massiv unhiewen. Fir dass dëst méiglech ass, an net och nach zousätzlechen Drock op den nationale Aarbechtsmaart bréngt, mussen dofir an Zukunft méi effikass Mesuren ageleet ginn, déi et erméiglechen déi Aarbecht, déi do ass, besser ze verdeelen. D'Aarbechtszäitverkierzung muss dofir och zu Lëtzebuerg een Thema ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären - seet den Här Bausch ofschléissend - d'Chômagezuelen zu Lëtzebuerg gi sécherlech keen Ulass zu Panikmache, och wa se am Moment eng Tendenz no uewen opweisen. Ënnerschätzen dierfe mir awer sécherlech net déi strukturell Problemer an Defiziter, déi eisen Aarbechtsmaart opweist, well wa mir dat maachen, da kéinten dës Problemer eng Kéier zu engem grousse Problem fir eise Wirtschaftsstanduert an der Groussregioun ginn. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci Mme Wagener, datt Dir dat, wat den Här Bausch ze soen hat, esou gutt hei erëmginn hutt. Nächsten Orateur ass den Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Note de conjoncture vum Statec presentéiert e Réckgang vum Wuesstum vum PIB an d'Zouhuele vum Chômage als e Resultat vum Réckgang vun der Bourse a vun de Restrukturéierungen, déi sech de Moment op der Bankeplaz maachen. Doriwwer eraus awer gëtt festgestallt, dass eis Wirtschaft insgesamt relativ gesond wier a géif esouguer progresséieren. Virun allem gëtt do gesot - an dat fannen ech eng bemierkenswäert Feststellung -, dat wier wéinst deem héijen Niveau vu staatlechen Investitiounen.

Also misst jo d'Konklusioun aus där Diskussioun sinn, dass de Stat weiderhin op engem héijen Niveau investéiert, mä dass de Stat och dofir suergt, dass en héijen Niveau vu Revenu besteet an en héijen Niveau vu sozialer Sécherheet, fir dass d'Demande vun de Stéit héich bleift; an domat de PIB och ka wuessen. Doniewent misst, menge mir, an där selwechter Logik och d'Aarbechtszäit erofgesat ginn an de Chômage misst op null reduzéiert ginn.

Esou eng radikal Fuerderung setzt awer eng Rei vu politeschen Décisioune viraus, a setzt e politesche Kontext viraus, deen, wéi et eis schéngt, net ginn ass de Moment. Iwwregens och net gi war an där Regierung vu virdrun. De Chômage gehéiert zum Beispill scho laang net méi zu de Krisenerscheinungen vun der Gesellschaft, mä de Chômage ass wierklech strukturell ginn. Ech géif esouguer behaapten, e gëtt bewosst benotzt als en ekonomesche Faktor; wat viraussetzt, dass eng richteg Chômagebekämpfung an eng radikal Chômagebekämpfung net erwënscht sinn. D'Konzept NAIRU zum Beispill, seet dat engem heibannen eppes?

***(Interruption)***

„Non Accelerating Inflation Rate of Unemployment". Dat heescht, e Prozentsaz Chômage, deen d'Inflatioun net beschleunegt. Dat ass e gängegt Konzept aus der aktueller politescher Ekonomie, an dat seet näischt aneschters, wéi dass e gewëssenen natierleche Prozentsaz vu Chômage noutwenneg ass, fir d'Inflatioun kleng ze halen.

Wee mengt esou Konzepter géingen zu Lëtzebuerg keng Roll spillen, soll d'Note de conjoncture N°3 vun 2001 nokucken. Do gëtt am Detail dran analyséiert, wat fir en NAIRU, wat fir e Chômage fir Lëtzebuerg, op Grond vu senger besonnescher ekonomescher Situatioun an Zukunft erfuerdert wäert sinn am Kader vu engem prospektiven PIB.

Här President, wéi mer d'Debatt iwwert den Développement durable gefouert hunn, ass gesot ginn, d'Betriber kënnten net méi wéi bis elo iwwert de Produktiounsfaktor Natur verfügen, dee Produktiounsfaktor misst ee Käschtepunkt hunn, soss wär et Ausbeutung vun der Natur. Beim mënschleche Produktiounsfaktor Aarbecht gëtt awer dacks gefuerdert, dee misst esou bëlleg, wéi méiglech gehale ginn. Zum Beispill geschitt dat iwwert déi sougenannte Mesures pour l'emploi. Déi iwwregens oft jo bei de Chômage, wéi dat schonn hei gesot ginn ass, derbäi gerechent ginn, an déi op jiddefalls zu enger Erofsetzung vun de Käschte vun der Aarbecht bäidroen. Zum Beispill och iwwert eng Senkung vun de sougenannte Lounniewekäschten.

Wie bezilt déi Lounniewekäschten a Wierklechkeet? A Wierklechkeet sinn et jo d'Patronen déi se bezuelen, an entgéint enger vill verbreetener falscher Meenung, bezuele se souwuel d'Part patronale wéi och d'Part salariale.

Wat geschitt domat, wa se dat bezuelen? Domat gi se gezwongen unzeerkennen, dass se och eng Verantwortung hu fir déi Leit, déi se agestallt hunn, wa se net méi schaffen, wéi zum Beispill wa se krank ginn oder wa se an d'Rent ginn. Dat ass d'Natur vun der Cotisation sociale. Dat ass eng grouss sozial Errungenschaft vun eisem Jorhonnert; déi iwwregens och zu enger Accélératiouun vun der Demande a vum PIB bäidréit, zum Beispill wann d'Renten iwwer dee Wee an d'Luucht gesat ginn.

Dat ass och eppes, wat net bezuelt gëtt vun deene Jonke fir déi Al, oder vun deene Gesonde fir déi Krank, wéi heiansdo gesot gëtt. Mä et ass eppes, wat bezuelt gëtt aus der wirtschaftlecher Aktivitéit eraus vun de Patronen an e gemeinsaamt grousst Dëppen aus deem et no Bedarf eraus verdeelt gëtt.

Ech froe mech also, wat et notzt, fir ze fuerderen, d'Lounniewekäschte missten erofgesat ginn, wéi dat zum Beispill de Moment an Däitschland an der Diskussioun zwëschent de Regierungsparteie vun engem vun de Partner geschitt.

Nee, mir mengen déi privat Profitter missten erofgesat ginn a si misste gesellschaftlech ëmverdeelt ginn. Dat ass ee vun de groussen Tabuen an der Diskussioun, d'Profitter. Dat ass anscheinend kee Produktiounsfaktor, dee spillt anscheinend keng Roll an der Diskussioun, mä dat ass am Fong geholl deen entscheedende Faktor, an dee misst sozial ëmverdeelt ginn.

M. le Président.- Här Urbany, Dir sidd elo schonn 100% iwwer Är Zäit. Dir hutt elo 5 Minutten geschwat. Kënnt Dir an enger Minutt fäerdeg sinn?

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- D'accord, Här President, ech sinn an enger Minutt fäerdeg. Ech sinn iwwregens deen drëtten, mengen ech, Diskussiounsriedner, deem dat passéiert. Ech froe mech iwwregens, ob déi virgesinnen Zäit fir esou eng grondsätzlech Debatt, wéi déi hei, duergeet? Ech hunn zum Beispill zwou Minutten, fir ze schwätzen.

***(Interruption)***

De President vun enger Gewerkschaft - ech mengen et ass keng Gewerkschaft vum lénkse Bord - gëtt an enger Zeitung, déi ech mer elo dobausse geholl hunn, mat folgender Ausso zitéiert: „ Die neuen Grundsatzprogramme von CSV und LSAP sind nicht radikal genug. Viel „soziale Marktwirtschaft" aber wenig „Arbeit hat den Vorrang vor dem Kapital", seet deen Här.

***(Interruption)***

Et ass den Här Weber, deen dat seet. Ech fannen, dat ass eng ganz verstänneg Ausso, där ech mech ganz kann uschléissen.

***(Interruption)***

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci Här Urbany. Domadder wier den Débat eriwwer. Den Här Aarbechtsminister, den Här Biltgen, huet d'Wuert.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech si mol virun allem frou, dass mer déi Debatt haut konnte féieren. Et war jo och de Wonsch vun der Regierung, dass déi Usprooch vun der sozialistescher Fraktioun op haut geluegt gouf. Dir wësst, dass mer den Donneschdeg Tripartite hunn, just iwwert d'Froe vum Aarbechtsmaart. Dir wësst och, dass dës Regierung sech am Ufank vun der Legislaturperiod engagéiert huet, fir d'Chamber regelméisseg vir an no enger Tripartite um Lafenden ze halen. Ech mengen, dat ass einfach eng Fro vu Respekt virum Législateur. Déi Debatt vun haut, gëtt eis dofir och d'Geleeënheet, fir eng Partie Weichen ze setze fir d'Diskussioune vum nächsten Donneschdeg.

Ech sinn och frou, dass déi meeschten Orateuren, an ech zitéieren ee vun enger ganzer Partie, de Lucien Weiler hei fir eng gewësse Berouegung agetruede sinn a mer net sollen an eng Kriseneuphorie verfalen. Et ass ëmmer de Problem, an dat ass ee vun deene Problemer mat deem ech als Aarbechtsminister ze kämpfen hunn, dass d'Wirtschaft oft an Euphorië verfällt, just am Emploi gesi mer dat. Déiselwecht Firmen, déi nach virun zwee Joer bei mech komm sinn, a gesot hunn, mir mussen esou vill honnert Leit méi astelle pro Joer, well d'Konkurrenz stellt der och esou vill an, an et geet alles exponentiell weider, dat sinn déiselwecht, déi haut grouss Sozialpläng maachen.

Ech mengen dofir ass et wichteg, dass d'Politik, dass d'Regierung, dass och d'Chamber dat alles mat engem gewësse Recul kucken, an net an deeselwechten Emballement verfalen, fir dass mer eng gewësse Rou behalen.

De Wuesstum ass erofgaang, mä de Wuesstum ass nach ëmmer do. Mir hu just net méi déi Euphorie, wéi an deene leschte Jore vum viereschte Jorhonnert. Mir kommen elo vläicht erëm a méi normal Wuesstumsperioden eran. Et ass och vläicht gutt, dass mer endlech mierken, dass d'Beem och zu Lëtzebuerg net an den Himmel wuessen. Dat hu Regierungen hei gesot a gepriedegt, dass d'Beem net zu Lëtzebuerg an den Himmel wuessen, mä et hat ee bal gemengt, all déi Leit hätten Onrecht. Elo stelle mer awer fest, dass déi Leit, déi gewarnt hunn, Recht hunn.

Ech soen awer op där anerer Säit, mir sollen net an de Contraire verfalen, a mengen, elo géif alles d'Baach agoen. Wa mer Fouss bei Mol behalen, wa mer wéi an der Vergaangenheet och an Zukunft eng wuel iwwerluegte Politik maachen, da kënne mer dat bäibehalen.

Soubal ech den Dossier vun der Administration de l'Emploi kritt hunn, - an dat war gëschter owend - hunn ech en un d'Chamber weidergereecht. Ech hu festgestallt, dass sech eng Partie Leit - ech huelen un och den Här Gibéryen - sech dovu beaflosse gelooss hunn, dass villes geschitt ass an deene leschte Joren an dass dat, wat mer mam PAN-Gesetz an d'Wee geleet hunn, besonnesch an der Administration de l'Emploi, positiv Resultater erreecht huet. Dofir wollt ech Iech deen Dossier zoukomme loossen. Natierlech hu mer net genuch Zäit, fir an all Detailer ze goen. Mä mir stellen awer fest, wa mer déi Chifferen analyséieren, dass villes geschitt ass zënter 1997/98 an dass mer och net genee déiselwecht Situatioun wéi 1997 hunn.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Ech wëll eigentlech op fënnef Punkten hei agoen. Deen éischte Punkt betrëfft de Chômage.

Et gëtt eng wirtschaftlech Theorie, déi seet: Et gëtt e Chômage incompressible. D'Amerikaner setzen de Chômage incompressible op 4%. Si soen, wann ee manner wéi 4% huet, dann ass dat schlecht fir d'Wirtschaft. Nach virun net emol zwee Joer hunn d'Amerikaner dauernd Angscht gehat, de Chômage wier ënner 4%, well da géing d'Wirtschaft net méi ugekuerbelt ginn. Da wier net méi genuch Usporn do, fir dass d'Leit géinge schaffe goe fir méi bëlleg Léin. Iwwer 4% géif de Chômage eréischt ufänken.

Mir sinn also an deem Sënn nach ëmmer op engem strukturelle Chômage, dee positiv ass. Mir leien op 3%. Wa mer de Chômage élargi huelen, da leie mer op 4%. Dat ass also just deen dote Seuil.

Ech kommen nach eng Kéier op de Chômage élargi zréck. De Chômage élargi hëlt jo och a Considératioun déi Leit, déi an de Mesure sinn. 1997 an 1999 gouf hei an dëser Chamber un der Politik vun der Lëtzebuerger Regierung bemängelt, dass mer ze vill Leit einfach an de Statistiken hätten an net genuch Mesure gemaach hätten, fir de Leit ze hëllefen duerch dës Mesure fit a flott, fir den Aarbechtsmaart ze ginn, Experienz mam Aarbechtsmaart ze kréien an iwwert déi Mesuren op den Aarbechtsmaart ze kommen. Ech sinn duerfir ëmmer verwonnert, dass déiselwecht Leit, déi 1997 an 1999 gesot hunn: „Dir maacht net genuch Mesuren", elo soen: „An deene Mesure sinn ze vill Leit dran."

Ech mengen, et ass wichteg, dass mer déi dote Mesuren hunn. Ech hunn e bëssen als Krounzeien den Här Lux, well den Här Lux den 13. November 1997 - dat ass also bal 5 Joer hier - hei gesot huet iwwer esou Mesuren: „Mir wieren eis schlussendlech dergéint, dass mat enger gewësser Iwwerhieflechkeet, an heiansdo mat engem gewësse Sarkasmus iwwer all déi Ustrengungen hiergefall gëtt, déi am sougenannten Traitement social vum Chômage gemaach ginn. Dat geschitt meeschtens jo vu Leit, déi am Dréchene sëtzen. Et léisst sech jo bekanntlech mat vollem Bauch besser iwwert d'Suerge vun deenen anere Leit diskutéieren a faselen."

Just dat hu mer an deene leschte fënnef Joer gemaach, dass mer deen Traitement social vum Chômage gemaach hunn. Ech sinn eigentlech stolz drop, och wann, dat ginn ech gären zou, mer en Taux vu 4% hunn, wa mer d'Mesure bäirechnen, mä et ass nach ëmmer en Ënnerscheed, ob ee bei enger Administration de l'Emploi einfach ageschriwwen ass, oder ob sech ëm dee Mann bekëmmert gëtt. Wa mer feststellen, dass sech déi Zuel vu Leit, déi a Mesure sinn an därselwechter Administration de l'Emploi, där hiert Personal sech net verduebelt huet zënter 1997 op 2002, mëttlerweil bal verduebelt huet. da kann ee soen, dass mer zënterhier eng ganz gutt Aarbecht gemaach hunn an der Administration de l'Emploi.

Da kënnt déi Diskussioun, déi verschidde Leit hei ugeschnidden hunn, vun de Frontalieren, fir ze soen, mir géingen d'Zuelen hei e bësse verfälschen, well mer d'Frontalieren net eranhuelen. Do soe ech einfach, mir mussen emol eis Rou do behalen. Mir dierfen net Äppel mat Bire vergläichen, awer virun allem net Äppel mat Porrette vergläichen.

Ech maachen Iech emol eng Mëllechmeederchersrechnung, wéi der jo heiansdo gemaach ginn. Wann ech den Taux de chômage rechnen, wou ech d'Frontaliere bäizielen, da geet den Taux de chômage élargi vu 4% op 3,2% zréck. A wuerfir? Well den Taux de chômage zu Lëtzebuerg - den Här Weiler huet et gesot - berechent gëtt op déi Leit, déi eng Aarbecht sichen an zu Lëtzebuerg wunnen, par rapport zu deene Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen an eng Aarbecht hunn, respektiv eng Aarbecht sichen: d'Population active. Dat sinn an der Moyenne am Joer 2002:196.385 Leit gewiescht.

Wann ech d'Frontalieren awer wëll mat berechnen am Taux de chômage, da muss ech jo natierlech, par rapport zu der Referenzpopulatioun sämtlech Leit huelen, déi zu Lëtzebuerg schaffen, nämlech d'Frontalieren all derbäi. Da kréie mer eng Referenzpopulatioun vun 276.973 Leit. Wann ech dann déi Leit, déi en E301 geholl hunn, bäirechnen an der Moyenne vum Joer 2002, da kommen ech op en Taux de chômage vun 3,2%. Ech soen awer direkt, dass dat och eng Mëllechmeederchersrechnung ass, well ënnert den E301 falen net all d'Leit drënner. Si falen och nëmmen eemol drënner, an zwar deen Dag, wou se d'Aarbecht verléieren. Des Weidere gëtt net gemooss, wéi laang se drënner bleiwen. Also wëll ech hei keng Mëllechmeederchersrechnung maachen, mä ech wëll just dovir warnen, dass mer sollen ophalen Äppel mat Bieren a mat Porretten zesummenzerechnen. Mer solle kucken, wéi d'Situatioun zu Lëtzebuerg ass, a mir sollen emol versichen déi Situatioun ze léisen.

Eng Differenz - an dat ass mäin zweete Punkt - mat 1997 ass, dass mer 1997 schrecklech gewarnt hunn, an ech hunn déi Rieden all nogeliess vun 1997, dass et géing méi lues goen. Besonnesch hunn d'Riedner gewarnt, dass et géif op der Banken- a Finanzplaz méi lues goen. Just dat ass net geschitt. Mir hu mëttlerweil e risege Boom gehat, vun deem ech jo virdru geschwat hunn. Mir hunn einfach net méi Leit genuch zu Lëtzebuerg fonnt. Mir hunn dauernd méi Frontaliere missen astellen. Dir hutt an e puer Zeitungen déi lescht Deeg Tableaue gesinn, wou Der gesitt hutt, wéi d'Zuel vun de Frontaliere regelrecht explodéiert ass am Laf vun den 90er Joeren. Mir hu missen ëmmer méi Leit aus net EU-Länner huelen, einfach wëll mer déi Plazen net besat kruten.

Wat gesi mer haut? Dat Beispill, wat elo puermol zitéiert gouf vun der grousser Firma, déi haut annoncéiert huet, dass se eng Partie Leit misst entloossen, dat ass just d'Retourkutsch dovunner. A wat fir engem Secteur entléisst déi Firma hir Leit? Si entléisst se besonnesch am Consulting an an der Informatik. Do, wou ech nach virun engem Joer hei an der Chamber gesot kritt hunn: „Du muss méi Leit vun auswäerts eranhuelen, mir hunn net Informatiker genuch." Informatiker fanne mer der mëttlerweil geschwë genuch um Aarbechtsmaart an der ADEM, fir se iwwerall ze vermëttelen. Déi Leit, déi massiv agestallt goufe virun zwee Joer, ginn erëm massiv ofgebaut. Fir nach eng Kéier op déiselwecht Firma zréckze-

kommen: Déi meescht Leit si Frontalieren, déi ausserhalb rekrutéiert goufen, fir eben déi Lächer ze fëllen.

Da soen ech Iech nach Zifferen, déi och sollen ze bedenke ginn. Engersäits geet eisen Emploi nach ëmmer weider. Ech weess net wien et gesot huet, mä et huet een zu Recht gesot, den Emploi geet nach ëmmer weider. Wou mer de Problem hunn, dat sinn d'Offres d'emploi, déi d'ADEM kritt, déi ginn erof. Mä eng Ziffer, déi eis awer soll ze bedenke ginn, ass déi vun de Permis de travail, déi un net EU-Bierger ausgi ginn. Do hu mer 1997 4.210 Dossieren traitéiert, 1998 der 3.835, 1999 der 4.381, an zënterhier geet et wierklech schlagaarteg biergop, am Joer 2000 der 4.809, am Joer 2001 der 5.225, a bis elo hu mer 4.492 Dossieren, wat soe wëllt, dass mer zum Schluss vum Joer op d'mannst op déi Zuel komme wéi am Joer 2001.

Dat heescht mir gesinn, dass et biergof geet um Emploi mat der Croissance vum Emploi. Mir gesinn, dass et biergof geet mat deene Plazen, déi bei der ADEM gemellt ginn, mä et ass nach grad esou e grousse Besoin do, wéi virdrun, à tort ou à raison, fir Leit aus net EU-Länner anzestellen. Och dat soll eis ze bedenke ginn, an dobäi soen ech Iech, dass d'Quotae vun de Refusen an all deene Joren erofgaange sinn. Ech héiere jo nach ëmmer, mir géifen dauernd Leit refuséieren. Et si manner wéi 8% vun den Dossieren an der Moyenne, déi refuséiert ginn.

Dann huet d'Madame Wagener geschwat vun der Fraequot. Wann eppes zu Lëtzebuerg zënter deene leschte fënnef Joer wierklech positiv évoluéiert ass - et gëtt awer nach aner Saachen -, dann ass et ebe just d'Fraequot. Haut kënnt Dir e Communiqué vun der Europäescher Kommissioun liesen, wann Dir doheem Är Mailbox kuckt, deen drop ageet, wéi mer an der Beschäftegungspolitik stinn. D'Kommissioun mécht eng Partie Rekommandatiounen. Si mécht eis notamment d'Rekommandatioun, mir hätten ze wéineg Leit vu méi wéi 55 Joer, déi schaffen, mä si seet eis och, dass mer wierklech den Emploi a Kraaft gehalen hunn a weider gedriwwen hunn duerch d'Augmentatioun vun der Fraequot. Et ass just do, wou mer immens Progrèse gemaach hunn.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Dat sinn awer haaptsächlech auslännesch Fraen a Frontalièren, nee?

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Dat ass falsch!

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Souwäit wéi ech d'Zuele kennen, ass den Taux bei de Lëtzebuerger Fraen nach ëmmer relativ niddreg.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Dat ass falsch! Et ass och do den Emploi intérieur, deen do ugekuerbelt gouf an net nëmmen den Emploi frontalier.

Den drëtte Punkt op deen ech wollt agoen, dat ass deen, dass mer och an Zukunft déi atypesch Situatioun vum Chômage zu Lëtzebuerg behalen, nämlech dass mer e soziale Chômage behalen, deen eben ënnert dem strukturelle Chômage läit. Et ass richteg, wat de Lucien Lux gesot huet, dass jiddfer Aarbechtslosen zielt, an dass mer eis net sollen domat zefridde ginn, dass mer nach wie vor dee beschten Taux an Europa hunn, mä dass mer no all Eenzelnen, deen zu Lëtzebuerg eng Aarbecht sicht, solle kucken.

Natierlech behale mer déiselwecht Problemer wéi an der Vergaangenheet, dass déi net qualifizéiert Leit éischter elo entlooss ginn a vill méi schwiereg erëm eng nei Aarbechtsplaz fannen, dass déi eeler éischter entlooss ginn, well se méi deier kaschten, an déi hu vill méi Schwieregkeeten, fir erëm eng Aarbechtsplaz ze fannen. Alles dat fanne mer erëm, och an Zukunft, um Aarbechtsmaart. Just dat soll eis dra bestäerken, fir elo net op eemol, de PAN op d'Kopp ze geheien, an alles wat mer do décidéiert hunn, mä fir eis ze bestäerken, fir déi Effortë weider ze fueren. Et wär e fundamentale Feeler, wa mer haut géife soen: Elo maache mir grouss Liberaliséierung a mir ginn eis net méi d'Méi, fir eis ëm d'Lëtzebuerger Chômeuren ze bekëmmeren. Déi haten einfach Pech. Jiddferee soll op Lëtzebuerg kommen, wéi ech dat déi Deeg nach héieren hunn, a wien eng Aarbecht fënnt soll se kréien. Mir musse kucken, dass déi Leit, déi zu Lëtzebuerg entlooss goufen, ob Lëtzebuerger oder net, mä zu Lëtzebuerg wunnen, prioritär gehollef kréien a prioritär kënnen agestallt ginn.

Duerfir kommen ech op mäi véierte Punkt: Wat kann d'Regierung do maachen? Dat éischt ass, dass mer, menger Ansicht no - a verschidde Leit hunn eis dat ënnerstrach, besonnesch d'Beruffskummeren: d'Privatbeamtekummer, d'Aarbechterkummer, mä och d'-Gewerkschaft, awer just d'Oppositioun, besonnesch d'sozialistesch Fraktioun, ass do enger anerer Meenung -, d'Recht hunn, fir net elo op eemol alles no ënnen ze revidéieren an eisem Budget, fir net d'Investitiounsquot erofzesetzen, fir net op d'Steierreform zréckzekommen. Déi Steierreform huet eis gehollef. Ech hunn Artikele gelies vun enger Partie vu sozialisteschen Exponenten, Här Lux, déi mir dat awer kloer gesot hunn.

***(Interruption)***

Neen, dat net, mä awer de Budget misst geännert ginn. D'Steierreform ass zu engem Moment komm, wou mir se wierklech och gebraucht hunn, fir eng Relance économique ze maachen. Ech wëll drun erënneren - well ech weess jo, dass elo ganz vill d'Banque Centrale zitéiert gëtt, wat si an der Chamberkommissioun gesot huet -, dass déiselwecht Banque Centrale virun engem Joer der Regierung virgeworf huet, déi Steierreform dierft iwwerhaapt net gemaach ginn, well déi Steierreform géif déi ganz Wirtschaft dach nëmmen unheizen. Haut, mengen ech, ass jiddferee frou, dass mir déi Steierreform gemaach hunn zum richtege Moment. Mir heizen net d'Wirtschaft un, mä mir bréngen et fäerdeg, dass mir e bësse méi wäit kommen.

***(Interruption)***

Den anere Punkt ass dee vun der Diversification économique. Den Här Lux huet hei en Zeitungsartikel zitéiert à décharge. Ech zitéieren dann einfach, wat d'FEDIL am Echo de l'Industrie geschriwwen huet iwwert d'Politik vun der Diversification industrielle vun dëser Regierung: "Les efforts du Ministère de l'Économie pour le développement et la diversification de notre site industriel ont été poursuivis sans relâche durant les années écoulées. A une politique qui vise à attirer de nouvelles entreprises au Grand-Duché s'est ajouté une action forte qui vise à promouvoir le développement endogène au Luxembourg."

Wann d'FEDIL seet, dass de Wee, deen de Wirtschaftsminister ageschloen huet, richteg ass, da mengen ech, misst ee sech dorop référéieren. Ech ginn lech nach e puer Zifferen: 1999 sinn zéng Projeten zu Lëtzebuerg décidéiert gi mat 30,3 Milliounen Euro Investissement an 202 Aarbechtsplazen, am Joer 2000 véierzéng Projete mat 65,6 Milliounen an 423 Aarbechtsplazen, am Joer 2001 erëm eng Kéier 40 Projete mat 163,4 Milliounen Euro Investissement an 296 Aarbechtsplazen. Et ka kee behaapten, mir wären net mat der Diversifikatiounspolitik weidergefuer.

En drëtte Punkt ass deen, wat d'ADEM gemaach huet. D'ADEM huet just dat gemaach, wat hei verlaangt gouf, nämlech dass méi e groussen Accompagnement personnel virgesi gouf. Dat Dokument, wat ech Iech de Moien ausdeele gelooss hunn, schreift dat ganz kloer. Do kënnt Dir gesinn, wat geschitt ass zënter 1997. Mir hu Consultantë geholl, déi aus dem Privatsecteur kommen. Ech ka mech nëmme ganz vehement géint d'Privatiséierungsbestriewungen, déi den ADR hei verlaangt huet, wieren.

Ech mengen, dass déi Privatiséierungsbestriewungen einfach falsch sinn. Dat kann dem ADR seng Meenung sinn, mä et ass net d'Meenung vun der Regierung. Mir hu just, fir méi op d'Privatwirtschaft zouzegoen, déi Consultanten, wat meeschtens Leit sinn, déi Chefs de personnel waren a Betriber an déi an hirem privatrechtleche Kontakt weider mat der ADEM schaffen, an do ganz vill Erfollger ze verzeechnen hunn.

Mir hunn déi psycho-sozial Begleedung, déi d'Leit maachen, och verstäerkt. Opgrond vum PAN-Gesetz si Psychologen an Éducateuren agestallt ginn. Et gëtt vill méi eenzel mat de Leit geschafft, wéi virdrun. Mir hunn eng Augmentatioun vum Personal, déi net esou grouss ass, wéi ech se gären hätt, mä si ass weidergaang, a mir schaffen an der ADEM vill méi perséinlech mat de Leit.

Dann e véierte Punkt, dat ass dee vun der Économie solidaire. Do mengen ech, dass et wichteg ass, dass mir déi Beschäftigungsinitiative weider förderen, och ausbauen, quitte dass mir se an eng Rumm ginn, wou mir keng Concurrence déloyale kréien. Dat si mir amgaang ze maachen. Mir sinn amgaang e Gesetz auszeschaffen iwwert de Chômage social, wou mir deene Beschäftigungsinitiativen eng Base légale ginn, wou mir se ëmrahmen, wou mir se awer och weider behalen. Well et muss een einfach wëssen, dass mir och an Zukunft Leit behalen, déi een einfach net an e Betrib erëm ënnerdaach oder iwwerhaapt ënnerdaach kritt. An deem Sënn sinn d'Beschäftigungsinitiativen och an Zukunft wichteg, fir mat deene Leit ze schaffen, fir dass déi Leit net einfach Almose kréien, dass si net einfach Sue kréien, mä dass si iwwert d'Aarbecht sech selwer kënnen duerstellen.

Ech ginn dem Här Lux absolut Recht, wann hie seet: „Beschäftigungsinitiative sollen nëmme Brécken duerstellen." Ech mengen, haaptsächlech Brécken duerstellen. Si mussen och kënne Leit méi laang beschäftegen, déi soss net op den Aarbechtsmaart zréckkommen.

E fënneft politescht Element ass dat vun de Permis de travail. Ech hunn Iech virdrun d'Ziffere gesot, dass mir nach ëmmer méi Permis-de-travail-Dossiere kréien. Ech soen Iech, dat ass bal dat eenzegt Element, wat mir hunn, fir awer e bësse Fouss bei Mol ze halen, fir awer deene Leit, déi am Chômage sinn eng Chance ze loossen. Et stéiert mech awer, wann ech Betriber gesinn - ech wëll net extrapoléieren -, déi haut een entloossen, deen eeler ass, deen eng gutt Pai huet, an den Dag drop wëlle se en net EU-Bierger astellen, dee méi jonk ass, an deen eng méi bëlleg Pai huet. Déi, déi méi eeler sinn, déi am Chômage sinn, déi zwar Experienz hunn, mä déi ebe méi wéi 40, 45 oder 50 Joer hunn, déi kréie mir net méi ënnerdaach. D'Permis-de-travail-Politik ass déi eenzeg, déi mir hu fir do Fouss bei Mol ze behalen.

D'Politik ass, an dat ass scho virdrun ugeklongen, wéi de Luc Frieden geschwat huet, dass mir an Zukunft bei Rekrutéierunge vu Main-d'oeuvre behäerzege mussen, dass et qualifizéierter ass, well déi feelt eis. Net qualifizéiert Leit hu mir der genuch am Chômage. Mir hunn eleng am Horesca-Beräich méi wéi 350 Leit, déi deklaréiere bei der ADEM, dass si bereet wären, fir doran ze schaffen. Déi mannst fannen awer do eng Ustellung. Dat huet net nëmmen - dat soen ech awer ganz däitlech - eppes mat de Betriber an der Horesca ze dinn. Do ass einfach e Problem.

Mir sinn amgaang, dass mir kucke méi gezielt mat de Leit do ze schaffen, andeem mir nämlech mat der ADEM, mä och mat den eenzelne Federatiounen, Actions ciblées maachen. Déi éischt hu mir ugefaangen zesumme mat der FEDIL. Mir maachen Ateliers de formation fir Schichtaarbechter, där mir net méi genuch fannen. Do gi Leit geruff, déi keng Qualifikatioun hunn. Si ginn ausgewielt. Do falen der ewech, déi keng Loscht hunn, där hu mir der och, an déi aner ginn da mat de Betriber zesummen ausgebilt, fir Ouvriers de production ze ginn. Mir hu schonn eng ganz Partie esou Ateliere gemaach, a vun deene Leit, déi duerch déi Ateliere gaange sinn, fannen déi meescht eng Aarbecht.

Wéi ech Aarbechtsminister gi sinn, hunn ech gesot kritt vun der Confédération du Commerce: „Mir hunn net genuch Leit, déi de Congé parental ersetzen am Commerce." Duerfir hu mir direkt ugefaangen, do Atelieren ze maachen. Mir hunn 13 Ateliere gemaach. A jiddfer Atelier sinn zwëschent 12 a 15 Leit. Vun deene Leit, déi duerch déi Ateliere gaange si, fir onqualifizéiert an d'Vente ze kommen, hu 86% eng Aarbechtsplaz fonnt. Datselwecht maache mir duerfir elo mat der Horesca. Ier dass mir grouss auswäerts rekrutéieren - och wa mir dat musse maachen, an ech verstriewe mech deem net, ech hunn dat ëmmer gesot -, kucke mir awer fir d'éischt, fir deene Leit, déi hei am Chômage sinn, eng Chance ze gi mat deenen Ateliers de formation. Ech sinn iwwerzeegt, dass mir och do Leit ënnerdaaach kréien.

Da weess ech net méi, hunn ech eppes gesot vun der Steierreform? Do wollt ech mech deem ralliéieren, wat de Niki Bettendorf gesot huet. Ech mengen, ech hat dat virdru vergiess. D'Steierreform ass eent vun deene wesentlechen Elementer vun dëser Regierung.

De fënneften a leschte Punkt ass dee vun der Revisioun vum PAN-Gesetz. Do huet de Lucien Weiler déi Motioun, déi 1999 ugeholl gouf, zitéiert, nämlech dass nach am Joer 2002 gekuckt gi soll, e Bilan ze maachen. Ech hunn effektiv am Fréijoer d'Sozialpartner zesumme geruff a mir sinn amgaang e Bilan ze zéien, deen net ëmmer esou einfach ze zéien ass. Mir hunn zwee Rapporten an Optrag ginn. Deen éischte wäert an deenen nächste Woche wierklech total disponibel sinn, an dat ass deen iwwert de Congé parental. Dir wësst, dass de Congé parental entgéint deem, wat oft vu verschiddener Patronatssäit gesot ginn ass, net hei duerch d'PAN-Gesetz oder duerch d'Tripartite imposéiert gouf, mä et ass en Accord vun de Sozialpartner op europäescher Ebene.

Ee vun deene wéinege Punkten, déi mir hei an der Chamber verännert hunn, ass, dass d'Durée net dräi Méint ass, mä sechs Méint. Duerfir ass et net esou - wéi oft gesot gëtt -, dass den 1. Juli 2002 d'PAN-Gesetz géif op dem Punkt Congé parental oflafen. Wat ofleeft, dat ass d'Durée vu sechs Méint. Wa mir déi net verlängeren, da geet d'Durée op dräi Méint zréck. De Congé parental huet dräi Ziler gehat. Dat éischt ass dat vun der Egalité des chances zwësche Mann a Fra. Dat zweet ass d'Interesse vum Kand. Dat drëtt ass den Emploi.

Wat den Emploi ubelaangt, wäert Dir feststellen, wann Dir de Rapport elo kritt - ech hunn éischt Bribë vun deem Rapport gelies -, dass zum Beispill vun deene Leit, déi vun engem Betrib agestallt goufen, fir een ze ersetzen, deen am Congé parental war, 70% nom Oflaf vun hirem Contrat à durée déterminée am Betrib bliwwe sinn. Dat heescht de Congé parental huet eis an engem gewëssene Sënn gehollef, fir Leit eng Chance ze ginn iwwerhaapt op den Aarbechtsmaart ze kommen. Dat ass eng vun deenen Zuelen, déi ganz positiv sinn.

Den zweete Rapport, dee mir amgaang sinn ze maachen, ass deen iwwert d'Resultater vun der Aarbechtszäitorganisatioun a vun der Flexisécurité. Dat ass méi schwiereg erauszefannen, besonnesch well mir Schwieregkeeten hunn Daten zesummen ze fannen. An deene leschte Méint scho gi mir eis mat de Sozialpartner relativ vill Méi, fir dat ze maachen. Mir hoffen, dass mir bis zum Enn vum Joer méi sensibel Daten hunn, fir kënnen ze soen, wat mat de Kollektivverträg geschitt ass. Dir wësst, datt véier Punkten hu missen obligatoresch an de Kollektivverträg verhandelt ginn. Mir wëllen awer och kucken, wat geschitt ass an deene Betriber, wou net e Kollektivvertrag ass, mee et Referenzperiode gouf.

Wat ass do mam Emploi an deem Betrib geschitt? Doraus kann een nach keng Causalitéit zéien, weder an deem engen nach an deem anere Sënn, mä et kann een awer Corrélatiounen zéien an et kann ee méi positiv an déi Debatt eragoen.

Ech soen Iech just nach eng Kéier hei, dass ech wéilt warnen, dass well elo d'Zuele vum Chômage an d'Luucht ginn, mer géife mengen, dass wat mer viru fënnef a wat mer virun dräi Joer décidéiert hunn, dat wär falsch gewiescht. Au contraire, ech mengen, dass et richteg ass, an dass et och richteg ass, dass mer an der Zukunft dat verbesseren.

Domadder soen ech Iech, Här President, merci, dass ech grad wéi vill, net all vu menge Virriedner, hu kënne meng Zäit verduebelen.

M. le Président.- Domadder ass dann dee Punkt ofgeschloss. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4581 iwwert d'Neiuerdnung vum Handelsregister.

Et si schonn agedroen: déi Häre Mosar, Klein, d'Mme Durdu, den Här Henckes, d'Mme Wagener an den Här Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers.

## 7. 4581 - Projet de loi concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises et modifiant certaines autres dispositions légales

***Rapport de la Commission juridique***

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 4581, dee mer haut diskutéieren, huet dräi grouss Ziler.

Éischtens, e réorganiséiert de Registre de Commerce et des Sociétés, zweetens, e bréngt eng nei Faassung vun de gesetzleche Bestëmmungen iwwert d'Comptabilitéit an iwwert déi jährlech Konte vun de Betriber, an drëttens, en ännert verschidde Bestëmmunge vum Gesetz vum 28. Dezember 1988 iwwert den Zougank zu den handwierklechen, kommerziellen an de fräie Beruffer.

An engem éischten Deel vum Text gëtt den Handelsregister, deen zu Lëtzebuerg duerch e Gesetz vum 23. Dezember 1909 geschafe ginn ass, geännert. Den Handelsregis-

ter ass haut am kommerzielle Beräich, mä och doriwwer eraus am allgemenge gesellschaftleche Beräich, een Instrument wat indispensabel ass. Dat Instrument soll op eng einfach, eng rapid an eng effikass Manéier jidderengem, deen dorunner interesséiert ass, all nëtzlech Date liwweren iwwert déi Personnen, oder Gesellschaften, déi iergendeng kommerziell Aktivitéit hunn.

Aus där Definitioun eraus stelle sech véier Froen, déi an deenen eenzelen Kapitelen an Artikele vum Gesetz eng Äntwert fannen:

1. Wien ass vum Gesetz betraff?

2. Wiem soll dat Instrument ënnerstoen? Wie soll d'Gestioun iwwerhuelen?

3. Wat fir eng Donnéeë mussen agedroe ginn? Wie muss déi Donnéeën androe loossen?

4. Wéi steet et mat de Sträitfäll a mat de Strofen?

Betraff vun dësem Gesetz si fir d'éischt emol all d'Persounen a Gesellschaften, déi eng kommerziell Aktivitéit hunn. Si musse sech selbstverständlech am Registre de Commerce et des Sociétés androen. Si mussen och all Änneren, déi virgeholl ginn, androe loossen. Doniewent mussen awer och all sougenannt „personnes morales" sech am Register androen, ganz egal ob se opgrond vum Gesetz vun 1928 iwwert d'Associatiounen oder iwwert e Spezialgesetz geschafe goufen. Den Artikel 1 zielt all déi Persounen a Gesellschaften op. D'Commission juridique huet virgeschloen, dass och d'Etablissements publics vum Stat a vun de Gemengen d'Verflichtung hunn, sech androen ze loossen. Vill vun deenen Etablissementer hunn déiselwecht oder ähnlech Aktivitéiten, wéi privat Associatiounen. Dofir ass et gutt, dass si deene selwechte gesetzleche Bestëmmungen iwwert d'Androe vum Handels- a Gesellschaftsregister ënnerleien.

Een zweete Froekomplex betrëfft d'Gestioun vum Registre de Commerce. Haut läit déi Gestioun nach beim Greffe vun den Handelsgerichter zu Lëtzebuerg an zu Dikrech. D'Zouhuele vun den Aschreiwungen, déi sech an deene leschten zéng Joer verduebelt hunn, d'Inadaptatioun vun den administrativen an techneschen Infrastrukturen hunn dozou geféiert, dass d'Regierung eng nei Gestiounsstruktur virgeschloen huet.

Well och am Projet vun 1999 nach d'Enregistrementsverwaltung als Gestionnaire virgesi war, huet d'Regierung an den Amendementer vum 15. Mee 2001 virgesinn, dass de Registre de Commerce dem Justizminister ënnersteet, deen d'Gestioun enger Entité juridique kënnt uvertrauen, déi vum Stat, vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers geschafe géif. D'Commission juridique huet bei hiren Diskussioune Kenntnis dervu geholl, dass dës Entité juridique schonns am Dezember 2000 ënnert der Form vun engem Groupement d'intérêt économique Wierklechkeet ginn ass. Dofir huet d'Commission juridique virgeschloen, dass déi juristesch Form och am Gesetz ageschriwwe soll ginn.

D'Commission juridique huet an hirer Majoritéit, d'Léisung fir d'Gestioun engem Groupement d'intérêt économique unzevertrauen, gutt geheescht. Well domat éischtens de Registre de Commerce ënnert der direkter Autoritéit vum zoustännege Minister bleift, zweetens ee juristescht Instrument genotzt gëtt, dat duerch d'Gesetz vum 25. Mäerz 1991 kloer ëmrass ass. Deenen, déi sech net méi erënnere kënnen, wat dann de Sënn vun engem Groupement d'intérêt économique ass, géif ech hei vläicht den Artikel 1 a senger richteger Form rappeléieren: „Le groupement d'intérêt économique est celui qui, constitué par contrat pour une durée limitée ou illimitée entre deux ou plusieurs personnes physiques ou morales de droit public ou privé. a pour but exclusif de faciliter ou de développer l'activité économique de ses membres, d'améliorer ou d'accroître le résultat de cette activité. L'activité de groupement doit se rattacher à celle de ses membres et ne peut avoir qu'un caractère auxiliaire par rapport à celle-ci."

Domat dierft och feststoen, dass de Gestionnaire vun dem Registre de Commerce, sou wéi en och virgesinn ass am Artikel 2 vum Gesetz, eigentlech nëmmen de verlängerten Aarm vum Stat ass. En ass vum Stat geschafen, en huet seng Aktivitéite kloer a präzis festgeluegt an en ënnerläit dem Contrôle vum Stat inklusiv deem vun der Cour des Comptes gemäss dem Artikel 2.2 an 3 vum Gesetz vum 8. Juli 1999 iwwert d'Schafung vun der Cour des Comptes.

De Virdeel, deen de Groupement d'intérêt économique huet, ass, dass en op eng rapid, effikass a flexibel Aart a Weis seng Missiounen erfëlle kann, wat bei de méi strenge Bestëmmunge vum Budget beim Stat an och vun de staatleche Verwaltungen eigentlech net méiglech ass.

Eng drëtt Fro betrëfft Donnéeën, déi mussen agedroe ginn. Ech verweisen do op d'Artikelen 3 bis 11 vum Gesetz selwer, wou déi Donnéeë kloer an däitlech opgezielt sinn. Nei sinn déi Bestëmmungen déi virgesinn, dass am Sënn vun enger administrativer Rationaliséierung verschidden Donnéeën direkt vun deenen zoustännege Verwaltungen oder, am Fall vun engem notariellen Akt, direkt vum Notaire un de Registre de Commerce matgedeelt kënne ginn. Sträitfäll si geregelt am Artikel 21. Nei si Geldstrofe fir déi Persounen, déi d'Gesetz net befollegen doduerch, dass si et ënnerloossen, fir déi Donnéeën androen ze loossen, déi d'Gesetz virgesäit.

Een zweeten Deel vum Gesetz ännert d'Bestëmmungen iwwert d'Comptabilitéit vun de Betriber. Dat geschitt ënner anerem am Hibléck op d'Schafung vun enger sougenannter Centrale des bilans, déi nom Artikel 76 vum Gesetz an d'Kompetenz vum Statec fält. Wann d'Betriber hir jährlech Konte relativ séier ofschléissen, wa si déi Donnéeë spéitstens siwe Méint no dem Joresenn beim Registre de Commerce déposéieren, wann den Dépôt vun deenen Donnéeën ënnert enger eenheetlecher Form geschitt, esou wéi d'Gesetz et virgesäit, déi och Vergläicher erméiglecht, da kann dat doten Instrument nëtzlech si fir sougenannt „clignotants d'alarme" opzestellen, déi et erlaben, mat Zäit anzegräifen, fir eventuell Failliten ze verhënneren.

Fir Betriber, deenen et net méiglech ass, aus zwéngende Grënn, d'Bestëmmungen iwwert d'Comptabilitéit ze befollegen, gesäit den Artikel 27 vir, dass de Minister eng Derogatioun ka ginn.

Am Titre 3 vum Gesetz ass virgesinn, dass d'Gesetz vum 28. Dezember 1988 ofgeännert gëtt. Persounen, déi eng Autorisation d'établissement froen, mussen no deenen neie Bestëmmungen eng Déclaration d'honneur ofginn a matdeelen, a wéi engem Betrib si an enger Fonctioun als Dirigent an deene leschten dräi Joer geschafft hunn. Si mussen och matdeelen, a wéi enge Betriber se Participatiounen hunn. Déi Deklaratioun gëtt dann der Steierverwaltung an och dem Centre commun vun der Sécurité sociale weidergereecht, fir eng Appréciatioun.

Wann eng Persoun, déi ënnert d'Gesetz vun 1988 fält, hir gesetzlech virgesi Verflichtungen net erfëllt, ënner anerem doduerch, dass se géigeniwwer der Steierverwaltung oder der sozialer Sécherheet hir Obligatiounen net anhält, da kann déi Autorisatioun refuséiert oder entzu ginn. Déi Moossname kënnen och getraff ginn opgrond vun enger Demande vun der Steierverwaltung oder vum Centre commun vun der Sécurité sociale. Déi Moossnamen, déi ganz wäit ginn, sollen dozou bäidroen, dass verschidde Betriber hire Verflichtungen an Zukunft besser nokommen.

Et bleift nach e lescht Wuert ze soen iwwert d'Bestëmmungen, déi virgesinn, wéini dat neit Gesetz a Kraaft soll trieden. Nom Artikel 104 trëtt d'Gesetz a Kraaft den éischten Dag vum zweete Mount nodeem et am Mémorial veröffentlecht ginn ass, ausser dem Titre 2 iwwert d'Comptabilitéit an dem Kapitel 2 vum Titre 3, déi den 1. Januar 2005 a Kraaft trieden. An deenen Dispositioune leien awer och d'Artikele 27 an 96. Déi sollen awer ausnahmsweis erëm a Kraaft trieden esou wéi d'Gesetz, an zwar den éischten Dag vum zweete Mount no der Publikatioun am Mémorial.

De Statsrot war mat deem doten Text net averstanen. D'Kommissioun ass awer beim Text vun der Regierung bliwwen. Ënner anerem fir de Betriber ze erlaben, dass se Zäit hu bis zum Joer 2005 fir sech op déi nei Mesuren, déi nei Bestëmmungen iwwert d'Comptabilitéit virzebereeden. D'Kommissioun war och net d'accord, well d'Iwwergangsbestëmmunge selwer, esou wéi de Statsrot et proposéiert huet, eréischt am Joer 2005 a Kraaft getruede wären, wat jo awer onméiglech war.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hu versicht an där Zäit, déi virgesi war, op eng kuerz Aart a Weis déi komplex Matière virzedroen. Et ass e Gesetz, wat vill Leit hei am Land interesséiert. Mir wëssen, dass hei am Land ganz vill Leit, net haaptsächlech a kommerzielle Gesellschaften, dat och, mä a villen Associatiounen organiséiert sinn, an d'Associatioune sinn och vun deem Gesetz betraff, esou dass et e Gesetz ass, wat ganz vill Leit am Land interesséiert.

Ech géif ofschléissend d'Chamber froen, dass se dat Gesetz an där Form, wéi d'Commission juridique et virgeschloen huet, géif stëmmen.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. D'Wuert huet den Här Mosar.

***Discussion générale***

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ufänke wëll ech mat engem Merci u mäi Fraktiounskolleeg Paul-Henri Meyers, deen en excellente schréftlechen a mëndleche Rapport ofgeluegt huet, an dëst an enger Matière, déi äusserst komplex ass, besonnesch wat de Volet vun der Comptabilitéit an de Konte vun den Entreprisen ubelaangt.

De Projet, dee mer haut hei diskutéieren, ass awer net nëmme komplex, mä och voluminös, well en net manner wéi 15 Gesetzestexter ofännert. De Projet verfollegt dann och dräi Objektiver. Éischtens d'Reform vum Handelsregëster. Zweetens ginn d'Regelen aus der Comptabilitéit an de Comptes annuels reformuléiert. An drëttens ginn an dësem Projet Moossname getraff, déi et den Autoritéiten erlaben, méi effizient a schnell am Beräich vum Nidderloossungsrecht kënnen aktiv ze sinn.

A menger Interventioun wéilt ech mech ausschliisslech mat dem éischte Punkt beschäftegen, nämlech deem vun der Reorganisatioun vum Handelsregëster. Laut dem Gesetz vum 23. Dezember 1909 ass et bis elo esou gewiescht, datt d'Greffë vun de Bezierksgeriichter an der Stad, respektiv zu Dikrech, den Handelsregëster géréieren. Während bal engem Jorhonnert hu si dat op eng iréprochabel Aart a Weis gemaach, an dat gréisstendeels och zur vollster Zefriddenheet vun deene concernéierte Persounen a Gesellschaften.

Wann een awer weess, wéi besonnesch an de leschte Joren den Aarbechtsvolume vun de Greffen am Allgemengen, mä awer och ganz besonnesch dee vum Handelsregëster zougeholl huet, ass d'Gestioun vun dësem Handelsregëster ëmmer méi schwiereg ginn, wat dann och zu deelweis grousse Retarde gefouert huet bei den Inscriptiounen. Heibäi dierf een allerdéngs net vergiessen, datt besonnesch während deem leschte Jorzéngt d'Unzuel vun dësen Inscriptioune sech verduebelt huet an domadder den Aarbechtsvolume regelrecht explodéiert ass. D'Aarbechtsmethoden, d'Effektiver, an awer och ganz besonnesch d'Infrastrukture konnten dësem Rhythmus net nokommen.

Dat huet dann haaptsächlech zu zwou Konsequenze gefouert. Éischtens natierlech - an ech hunn et scho gesot - sinn d'Waardezäiten ëmmer méi laang ginn. Mä zweetens ass awer och d'Qualitéit vun de gesammelten Daten, den Erfuerdernisser vun eiser Ekonomie, a ganz besonnesch eiser Banken- a Finanzplaz, net méi gerecht ginn. Eng Etüd, déi am Laf vun den 90er Jore vun der Regierung an Optrag gi war, huet dann och d'Schwaachpunkte kloer opgedeckt an all déi Leit a Beruffsgruppen, déi mat dem Handelsregëster ze dinn hunn, kënnen dëst nëmme bestätegen. Eng Reform vum Handels- a Gesellschaftsregëster huet sech also förmlech opgedrängt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer haut hei décidéieren, dësen Handelsregëster ze reorganiséieren an en an e Groupement d'intérêt économique ze integréieren, ass dat also net, well an deene leschte Jorzéngte schlecht Aarbecht um Niveau vun de Greffë gemaach ginn ass, au contraire. Ech wëll dat ganz kloer nach eng Kéier hei ënnersträichen, well déi Beamten hunn, ënner oft schwierege materielle Bedingungen, eng formidabel Aarbecht verriicht, fir déi ech hinnen hei am Numm vu menger Fraktioun och nach eng Kéier wëll e grousse Merci ausdrécken.

Wat gesäit awer elo de Projet de loi vir? An enger éischter Optioun wollt d'Regierung ursprünglech d'Kompetenze vum Handelsregëster am Kader vun der Enregistrementsverwaltung regruppéieren. D'Objektiv heivunner wär eng optimal Rationaliséierung vun de Prozedure gewiescht am Beräich vum Déposéiere vun Dokumenter an dem Bezuele vun Taxen. Och wann esou e Regruppement sécherlech e gewëssene Sënn gemaach hätt, ass e vun der Regierung schlussendlech net zréckbehale ginn, an ech géif och mengen zu Recht.

D'Regierung huet sech nämlech entscheet, fir d'Gestioun vum Handelsregëster an d'Hänn vun engem sougenannte „groupement d'intérêt économique" ze leeën, dee sech aus dem Stat esou wéi aus zwou Chambres professionnelles, nämlech der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, zesummesetzt. An der zoustänneger Kommissioun hu mer laang an intensiv iwwert dës Optioun geschwat an eng Majoritéit vu Memberen huet sech dann och schlussendlech heimadder averstan erkläert.

Ech géif och wëlle behaapten, datt d'Approche vun der Regierung déi richteg ass. Dëst haaptsächlech aus dräi Iwwerleeungen eraus. Éischtens läit et op der Hand, dass een déi virgenannt Beruffskummere méi staark an d'Verantwortung an domadder an d'Gestioun vum Handels- a Gesellschaftsregëster abanne soll. D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers sinn déi éischt, déi een Interessi un engem gutt fonctionnéierenden Handelsregëster hunn. Hir Memberen, deenen hir Interesse si vertrieden, sinn net nëmmen een Haaptfournisseur vun Informatiounen un dee Regëster, mä si si gläichzäiteg och dee gréisste Konsument vun dësen Informatiounen. Et läit also op der Hand, fir si ganz no un der Gestioun ze bedeelegen.

Eng zweet Iwwerleeung ass déi, datt dëse Wee eigentlech der Iddi vun engem Guichet unique entsprécht. D'Beruffskummere sinn en absolut privilegiéierten Uspriechpartner vun deenen zukünftegen Entrepreneuren a Gesellschaften, wat d'Grënnung vun enger Firma betrëfft, mä och wat d'Berodung iwwer all déi administrativ Démarchen ugeet. Doduerch, dass also an der Zukunft d'Beruffskummeren direkt an d'Gestioun vum Regëster implizéiert ginn, bedeit dat eng wesentlech Vereinfachung vun dësen administrativen Démarchen.

Eng drëtt Iwwerleeung ass dann - an et ass net déi allermannst wichteg - déi vun der Noutwendegkeet vun enger méiglechst grousser Flexibilitéit vun esou engem Organismus, fir kënnen op déi ëmmer méi zahlreich Erausfuerderungen, déi un den Handelsregëster an der Zukunft gestallt ginn, anzegoen. Dofir schéngt dann och d'Form vum Groupement d'intérêt économique eng ideal juristesch Form ze sinn. Ech wëll dann och betounen, dass mer mat esou engem Groupement d'intérêt économique d'Welt net nei erfannen, mä dass mer u sech d'Beispill aus verschiddenen europäesche Länner suivéieren. Sou gëtt zum Beispill an Holland, an Italien de Regëster direkt vun de Beruffskummere géréiert, während bei eise belschen Nopere dës Gestioun vun enger Handelsgesellschaft assuréiert gëtt, déi all Informatioune vum Greffe vum Handelsgeriicht op engem Fichier zentraliséiert.

Laut mengen Informatioune fonctionnéieren dës Systemer méi wéi zefriddestellend an et kann also net verkéiert sinn, wa mir eis un esou engem Modell orientéieren. Dobäi kënnt, datt mer an Zukunft just nach ee Regëster wäerten hunn, well déi zwee Regësteren aus der Stad a vun Dikrech matenee fusionéiert ginn.

An Zukunft wäert nach méi wéi bis elo d'Informatik eng wesentlech Roll ze spillen hunn, well den Accès zu den Informatioune jo och haaptsächlech iwwert den elektroneschen Zougang soll gemaach ginn. Dëst schléisst natierlech net aus, datt och an Zukunft eng Consultatioun vun den Donnéeën op der Plaz wäert méiglech sinn. Allerdéngs, an dat wëll ech hei betounen, wäert sécherlech de Succès vun all dësen Démarchë vun engem gudde Fonctionnement vum Volet vun der Informatik ofhänken, déi weider vum Centre informatique de l'Etat géréiert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann awer hei och nach op e Virworf agoen, dee sécherlech herno vun deem engen oder anere vun de Kolleege vun der Oppositioun wäert virbruecht ginn, nämlech hei géif eng schläichend Privatisatioun vun engem Service public gemaach ginn. Dëse Reproche, an de Rapporteur huet et a senge schréftlechen Ausféierungen och schonn ënnerstrach, ass manifestement falsch, well hei gëtt keng Privatisatioun gemaach an heifir ginn et zwee Grënn:

1. funktionéiert de Regëster an Zukunft ënnert der direkter Autoritéit vum Justizminister an

2. huet de Groupement d'intérêt économique dräi Associéen, nämlech de Stat an doniewent déi virgenannte Berufskummeren, déi, an dat wëll ech hei nach eng Kéier ënnersträichen, de Statut vun engem Etablissement public hunn.

Et kann also keng Rieds dovu sinn, datt hei elo privatiséiert gëtt, an an

Zukunft dee ganzen Handelsregëster vun enger privater Gesellschaft géif bedriwwe ginn.

Här President, nach schnell e puer Wieder zu der juristescher Form vun dësem Organisme de gestion.

D'Commission juridique huet insistéiert, datt d'Forme juridique am Gesetzestext soll preziséiert ginn. Den Artikel 2 vum Projet seet elo, datt den Handels- a Gesellschaftsregëster vun engem Groupement d'intérêt économique géréiert gëtt an dat, wéi ech et scho gesot hunn, ënnert der Autoritéit vum Justizminister. Dëse Groupement d'intérêt économique ass schonn den 28. Dezember 2000 vum Stat, der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers gegrënnt ginn an d'Statute sinn dann och kuerz duerno am Mémorial C publizéiert ginn. Dat huet de grousse Virdeel, datt d'Reprise vum Handels- a Gesellschaftsregëster scho gutt preparéiert ginn ass, wann elo d'Gesetz a Kraaft trëtt. Domat gëtt de Regëster, wat wichteg ass, ganz séier operationell. D'Gesetz vum 25. Mäerz 1991 applizéiert sech hei.

Wat sinn elo d'Charakteristike vun engem Groupement d'intérêt économique? E Groupement d'intérêt économique ass en Instrument vu Kollaboratioun an ech zitéieren nach eng Kéier de Gesetzestext: «…ayant pour but exclusif de faciliter et de développer l'activité économique de ses membres». Weiderhin huet dës Gesellschaftsform d'Personnalité juridique mat all deene Konsequenzen a Garantien, déi dat mat sech bréngt. Schlussendlech seet d'Gesetz vun 1991 expressis verbis, datt de GIE och vu Personnes morales de droit public ka gegrënnt ginn. All dës Elementer suerge fir Rechtssécherheet. D'Viraussetzunge bestinn also, datt de Groupement d'intérêt économique seriö an effikass mat de Verwaltungen a besonnesch mam Enregistrement zesumme schaffe kann.

Ech sinn also der Iwwerzeegung, datt mer e modernt Gesetz hei wäerte kréien. Et rationaliséiert a vereinfacht déi administrativ Prozeduren am Beräich vum Handels- a Gesellschaftsregëster an domat dréit et dozou bäi, fir déi wirtschaftlech Attraktivitéit vun eisem Land ze consolidéieren, jo esouguer nach weider auszebauen, an ech géif dofir och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Merci dem Rapporteur fir seng gutt Berichter zu dësem voluminösen a wichtege Projet de loi.

D'Reform vum Registre de Commerce et des Sociétés, do dernieft d'Ofännerung vun anere Bestëmmungen, déi de Commerce betréffen, viséiert, fir d'Gesetz vun 1909 ze ersetzen, ural Bestëmmungen, déi säit 1909 des öfteren ofgeännert gi sinn, e Gesetz, dat den heitege Besoinen net méi entsprécht, besonnesch duerch dat massiivt Zouhuele vu Betriber a Gesellschaften an de leschte Joren an duerch d'Entwécklung vun den neien a modernen Technologien.

Am Sënn vun der Transparenz, déi jo an der Publizitéit vun den Donnéeë besteet, ginn zukünfteg net nëmme Kommersanten an Handelsgesellschaften an de Regëster agedroen, mä ënner anerem och A.s.b.l.en, Fondatiounen, Stats- a Gemengen Etablissements publics.

Wat déi zukünfteg Zuel, Diversitéit an Donneeën vun den Aschreiwungen ubelaangt, kritt de Regëster vill méi eng grouss Bedeitung an déi Leit, déi e solle géréieren, kréien nach méi eng grouss Verantwortung, wéi dat bis elo schonn de Fall war. Am Fong verfollegt de Projet de loi dräi Ziler:

Méi Effikassitéit fir de Regëster duerch d'Verstäerkung vun der Obligatioun vun enger bestänneger Mise à jour, besonnesch bei den individuelle Geschäftsleit, och bei de Gesellschaften, wat bis elo ganz oft de Fall net war. D'Servicer, déi bis elo de Regëster géréiert hunn, ware ganz schlecht équipéiert. Et huet alles musse manuell gemaach ginn. Vu Computertechnik keng Spuer, wat an engem Land wéi Lëtzebuerg jo awer lamentabel ass, a wou scho laang am Kader vun der Réforme administrative un der Informatisatioun gedoktert gëtt, ouni awer déi gewënschte Resultater. Duerch dat neit Gesetz soll dat elo, hoffentlech, änneren.

De Wee, fir d'Aschreiwungsformalitéiten ze erleedegen, soll den Interessente méi kuerz a méi einfach gemaach ginn, duerch d'Schafe vun engem Guichet unique, wou ee kann all Formalitéiten erfëllen. Bis elo ass et jo esou: Fir d'éischt bei den Enregistrement, fir d'Tax ze bezuelen an ze enregistréieren. Dann no e puer Deeg den Dépôt vun de Piècen, sief et bei Androungen, Neiandroungen, Modifikatioune vun de Statuten oder den Dépôt vun de Bilanen op dem Tribunal d'arrondissement. Do waarden dann d'Leit an der Rei, bis se bäikoume bei engem Fonctionnaire, dee mat Aarbecht iwwerlaascht ass, deen dann déi enregistréiert Piècen unhëllt an da seng Aarbecht bis un d'Enn féiert. Dat soll, wéi gesot, elo änneren duerch d'Schafung vun engem Guichet unique, wou am Virfeld déi betraffe Chambres professionnelles de Geschäftsleit behëlleflech sinn.

Den zweeten Objektiv vun dësem Gesetz: d'Schafung vun enger Centrale des bilans an eng etappeweis Aféierung vun engem harmoniséierte Plan comptable national fir d'Entreprisen. D'Zentralisatioun vun dësen Donnéeën an d'Informatioune sollen dem Public an den Administratiounen zougänglech gemaach ginn. Dës Zentralisatioun vun den Informatioune gëllt souwuel fir déi physesch wéi fir déi moralesch Persounen, alles am Sënn vun der Transparenz.

Déi drëtt d'Zilsetzung: d'Verstäerkung vun de Konditioune bei der Ausstellung vun der Genehmegung, fir sech ze établéieren. Besonnesch bei der Iwwerpréifung vun der Honorabilitéit vun den Demandeuren a wat hir vergaange kommerziell Aktivitéiten ubelaangt, souwuel als individuelle Kommersant, wéi och als Verantwortlechen an enger kommerzieller Gesellschaft. Dat gëllt och fir d'Iwwerwaache vun de Betriber, fir de frauduleusë Faillitë virzebeugen, wou a bedenkleche Situatiounen de Minister vun de Classes moyennes gegebenefalls eng Autorisation de commerce kann zréckzéien. Dës méi streng Dispositiounen, par rapport zum aktuelle System, ergi sech aus Feststellungen a Considératiounen, déi schonn den Här Jeannot Krecké a sengem Rapport iwwert d'Fraude fiscale hei zu Lëtzebuerg gemaach huet, an zwar am Kapitel iwwert d'Faillites frauduleuses.

Ähnlech Iwwerleeungen huet de Conseil économique et social gemaach am Joer 1999 bei senger Stellungnahm zum Bericht iwwert d'Lag vun der Natioun. Dës nei Virschrëfte sinn am Intérêt vun de Créancieren, besonnesch deene klénge Créancieren, déi a ville Fäll als Créancier chirographaire a Konkurrenz mat de privilegiéierte Créancieren eidel ausgaange sinn, wat fir si fatal Konsequenze konnt hunn.

D'Zilsetzunge vun dësem neie Gesetz kann ee generell guttheeschen. Transparenz, Publizitéit, Moossnamen am Geescht vun der Kommoditéit fir d'Geschäftswelt, vun den Associatiounen, manner Schikane bei hirer Androung, manner Fräen, méi Sécherheet bei der Ausstellung vun der Autorisation de commerce a méi Garantië fir d'Créancieren. Dat sinn Elementer, déi ee ka mat béiden Hänn ënnerschreiwen.

Et ass bekannt an och unerkannt, dass de Service vum Registre de Commerce et des Sociétés e Service public ass. Dat ergëtt sech aus sengen Attributiounen, sengem Zweck, senger Organisatioun a sengem Fonctionnement. An dësem Fall assuréiert de Service public och d'Verwierklechung vun enger Missioun, déi am allgemengen Interesse ass, an zwar am Intérêt vun enger bestëmmter wirtschaftlecher Kategorie vun Acteuren.

E behandelt den État civil vu Geschäftsleit, Handelsgesellschaften an anere Gruppéierungen. D'Fro, déi sech stellt ass: Wie soll dëse Service ausféieren? Wie solle mer dermat chargéieren? De Stat selwer, eng ënnergeuerdent Organisatioun oder e Privatorgan? Dat ass iwwerhaapt eng Fro, déi eng Kéier misst fundamental geléist ginn an enger Debatt iwwert de Service public an d'Organismen, déi beruff sinn, fir déi verschidden Déngschtleeschtungen auszeféieren.

***(M. Jean Asselborn prend la Présidence)***

D'sozialistesch Fraktioun bekennt sech däitlech zum Prinzip, datt d'Organisatioun an de Fonctionnement vum Service public musse vun der klassescher öffentlecher Verwaltung duerchgefouert ginn. Dat ass de Prinzip. Ausnahmsweis kënnen nëmmen aner Organisme mat esou Missioune befaasst ginn. An engem rezenten Avis huet de Statsrot sech an deemselwechte Sënn ausgedréckt an huet gesot: „Il échet d'empêcher que des tâches purement administratives relevant du rôle classique de l'Etat ne soient à la légère transférées ou confiées à de nouveaux établissements publics."

Déi Aarbechten an Déngschter, déi beim Registre de Commerce et des Sociétés ausgefouert ginn, si reng administrativer Natur a betreffen den Enregistrement vu Persounen, physescher a moralescher, hir Identitéit, hire Gebuertsdatum, hiren Domicile, hir finanziell a wirtschaftlech Situatioun, wat hire Commerce ubelaangt. Sou Aktivitéite sollen am Aarbechtsberäich vun der klassescher Statsverwaltung bleiwen. Vereedegt Fonctionnairen an öffentlech Beamte sollen déi Aarbechte maachen. Sou wéi den Déngscht vun den Hypothéiken an den État civil. Mir wieren eis géint d'Auslagerung vun esou wichtege Service-publicen aus den Hänn vun der klassescher Statsverwaltung. De Registre de Commerce et des Sociétés däerf net ënner d'Regie vun engem Groupement d'intérêt économique kommen, souguer ënnert der Autoritéit vum Justizminister. E muss an der klassescher Statsverwaltung bleiwen, wéi dat bis elo de Fall war, mä ënner bessere Konditiounen, wat jo awer muss méiglech sinn.

An dësem Projet de loi war dat esou virgesinn. Dat war eng gutt Approche. De Gestionnaire vum Registre de Commerce sollt den Enregistrement ginn. An där Verwaltung war virgesinn, fir de Guichet unique unzeleeën. Dat wier an eisen Ae perfekt ginn. D'Chambres professionelles hunn dat net kontestéiert an hu fir hir erugezunne Mataarbecht am Viraus merci gesot.

Den Enregistrement war scho prett, preparéiert a besonnesch motivéiert, fir an déi Richtung matzegoen. E Groupe de travail war agesat ginn, fir de Fonctionnement ze organiséieren a sollt sech an der Schwäiz an a Spuenien informéieren, wou dëse Service op deemselwechten Niveau beispillhaft fonctionnéiert. Et war esou ausgeriicht, datt dat Ganzt sech iwwer Internet ofgewéckelt hätt. Den Enregistrement hat sech scho vill Méi gemaach, andeem en e Projet op d'Bee gesat hat, wéi dat hätt kënne fonctionnéieren, an zwar no dem Beispill vum Hypotéikendéngscht, dee gutt leeft, a wou kee Mënsch dergéint reklaméiert. Et war och schonn eng Formatioun an eng Formation continue fir déi responsabel Leit virgesinn. De Service sollt käschtendeckend ouni Benefiss, wéi och an anere Länner, bedriwwe ginn.

D'Iddi, fir den Enregistrement mat dësem Service ze beoptragen, ass awer vun der Regierung fale gelooss ginn, a se huet décidéiert, fir zu deem Zweck e Groupement d'intérêt économique ze schafen, deen dee Service soll bedreiwen. Dëse GIE ass schonn um Enn vum Joer 2000 gegrënnt ginn, also laang virun haut, wou d'Chamber soll iwwer e Projet de loi befannen, deen dëse GIE virgesäit. D'Chamber gëtt also vun der Regierung virun de Fait accompli gesat an dat géint d'Meenung och vum Conseil d'Etat. Dat ass e Schlag an d'Gesicht vun der Enregistrementsverwaltung, Mësstraue géintiwwer dëser Verwaltung, Mësstraue géintiwwer der Fonction publique, déi dëse Service hätt kënne mat gutt équipéierten a forméierte Leit ausféieren, an Zesummenaarbecht mat den zoustännege Chambres profesionnelles.

Hei ass e Beispill, wéi een d'Fonction publique sech kann degradéiere loossen a sech net drëm beméit, fir se mat Ressources humaines a mat Material ze équipéieren, an et décidéiert een, fir d'Exekutioun vum Service un e Privatorganismus ze iwwerdroen. Dat ass weder am Intérêt vum Service public selwer, nach am Intérêt vun der Fonction publique. Dofir, Dir Dammen an Dir Hären, stëmmt eis Fraktioun dëse Projet de loi net.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Klein. Nächst Riednerin ass d'Mme Durdu.

Mme Agny Durdu *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Hären, mam Gesetzesprojet, deen eis virläit, solle mer de Registre de Commerce moderniséieren. Dat war am Fong geholl den Haaptausgangspunkt, dee mer eis zum Zil gesat hunn, an dee mer probéiere mat deem heiten Text ze viséieren. Fir d'éischt wéilt ech dem Rapporteur merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, deen en ofgeliwwert huet, a fir déi ganz neutral Aart a Weis op déi en e virgedroen huet a wéi e probéiert huet, d'Problematik ze ëmräissen an där Zäit, déi him virgeleeën huet.

Firwat déi Reform vum Registre de Commerce? Wat war d'Ausgangspositioun? Si ass ewell vun aneren Orateuren hei virgedroe ginn, an dofir kann ech se nëmmen nach eng Kéier rappeléieren.

Et gouf e Registre de Commerce zu Dikrech an et gouf een hei an der Stad. Den Dikrecher Registre hat manner Demanden, déi bei en erakomm sinn. Dee Service, deen natierlech op déi nämlech Aart a Weis organiséiert war, wéi hei an der Stad, huet gutt fonctionnéiert, sou dass de Besoin, fir zu Dikrech am Fong geholl ze reforméieren, sech an deem Sënn manner imposéiert huet. De Contraire war de Fall hei an der Stad, an ech mengen et gëtt der etlech heibannen, déi d'Situatioun do besser kennen an déi woussten, dass de Registre de Commerce hei an der Stad op déi Aart a Weis, wéi en organiséiert a fonctionnéiert huet, einfach de Besoine vun der Zäit net méi gewuess war. Et war wierklech mat ganz vill Bravour, wou do nach de Fonctionnement assuréiert gouf.

Et ass also net fir näischt, dass d'Regierung an der Mëtt vun den 90er Joren eng Etüd maache gelooss huet, fir ze kucke, wat d'Problemer vum Registre de Commerce sinn. Wéi muss een e besser organiséieren a wéi gesäit et um internationalen Terrain aus?

Bei der jëtzeger Regierung ass dunn déi Solutioun erauskomm, déi mer hei haut debattéieren, an zwar, dass de Registre de Commerce virun ënnert der Autoritéit vum Ministre de la Justice steet an dass en eben organiséiert gëtt op déi Aart a Weis, déi elo well méi wéi eng Kéier heibannen ugeschwat ginn ass, iwwer e Groupement d'intérêt économique, wou de Stat, wou d'Chambre des Métiers a wou d'Chambre du Commerce representéiert sinn.

U sech wéilt ech nach eng Kéier ënnersträichen, wat den Här Mosar virdru gesot huet: Mir stinn hei net eleng mat esou engem Projet. An der Belsch, an Italien, also an Nopeschlänner, gëtt et sou ähnlech Projeten, fir op méi modern, géing ech mol soen, Verwaltungen zréckzegräifen, op eng méi modern Aart a Weis vu Verwaltung zréckzegräifen, fir de Registre de Commerce ze organiséieren.

An elo kënnt dann natierlech déi Problematik, déi vu mengem Virriedner opgeworf ginn ass, fir ze soen, mä dat ass eng Privatisatioun a mir sollen dovunner eis Fanger ewechloossen. Ech mengen, wann een den Artikel 2 vum Gesetz liest, ass et ganz kloer, dass nach ëmmer de Ministre de la Justice d'Autoritéit iwwert de Fonctionnement vum Registre de Commerce huet an dass dee Groupement d'intérêt économique besteet aus dem Stat, der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, selwer zwou Chamberen, déi en Établissement d'utilité publique sinn, sou dass et keng, a mengen Aen, klassesch Privatisatioun ass. A wéi gesot, vu dass aner Länner op ähnlech Weeër gaange sinn, a bis ewell gutt Erfahrunge mat deene Systemer gemaach hunn, fannen ech et eng interessant Aart a Weis, fir op dëse System zréckzegräifen.

Déi zweet grouss Neierung, déi an dësem Projet de loi gemaach gouf, an déi och ewell vu menge Virriedner ugeschwat ginn ass, ass ze probéieren, eng Normalisatioun vun den Donnéeën, déi erakommen op dee Registre de Commerce, ze erreechen. Och hei confirméiere mer eis am Fong geholl, well bis ewell och zu deen Ëmännerungen, déi um europäeschen Niveau duerch eenzel Direktiven an eis Sociétéitegesellschaft eragefouert gi sinn - et ass virdru vum Här Meyers ugeschwat ginn -, Dérogatiounen zu deenen Exigenzen, déi an dësem Gesetz enthale sinn, konnte beim Minister Frieden nogefrot ginn. Mä, ech mengen, et ass gutt, dass eng Normalisatioun bei dësem Gesetz agefouert gëtt, well et méi einfach gëtt, fir eng Iwwersiicht iwwert d'finanziell Situatioun vu gewësse Gremien a Gesellschaften ze kréien. Dëst war am Fong geholl déi zweet grouss Erausfuerderung, där sech dëst Gesetz ugeholl huet.

Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, dass eng aner Neierung, déi agefouert ginn ass, déi ass, fir méi juristesch Formen a Gesellschaftsformen duerch dëst Gesetz ze erfaassen. Et geet elo net méi nëmmen, dass déi sechs Forme vu Sociétéiten, déi mer kennen, enregistréiert ginn, mä doriwwer eraus och sou munch aner Organisatiounen, wéi zum Beispill d'Associations agricoles, d'Établissements publics an d'Associations épargne-vie. Ech mengen, och dat ass eng gutt Démarche, wéi d'Praxis eis et wäert weisen.

D'Abanne vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce, ëmfanne mir als eng positiv Aart a Weis, fir un eng Modernisatioun vum Registre de Commerce erunzegoen. Besonnesch well et hir Membere sinn, déi un engem gutt fonctionnéiernde Registre de Commerce interesséiert sinn, a si

op déi heiten Aart a Weis an d'Verantwortung abënnt, fir dass dëst Gremium méiglechst gutt fonctionnéiert.

Zum Ofschloss wéilt ech Folgendes soen: Ech sinn der Meenung, dass et eng interessant Aart a Weis ass, fir eise Registre de Commerce op dës Aart a Weis ze reforméieren. D'Diskussiounen, déi mir an der Commission juridique gefouert hunn, hu bewisen, dass dës Matière, déi vläicht a priori fir sou muncher een drëschen ass, ganz interessant a wichteg ass fir d'Leit, déi domat schaffen.

Et ass net auszeschléissen, dass mir konkret Problemer bei der Ëmsetzung vun dësem Gesetz begéinen. Et wär falsch ze mengen oder ze behaapten, mir hätten all Problemer, déi sech an deem Beräich kéinte stellen, gesinn, an doweinst wär et wichteg, dass een dëst Gesetz bei der Ëmsetzung ganz genau verfollegt, an dass een och no engem Joer, oder no annerhalwem Joer, eng Evaluatioun vun deem mécht, wat sech als positiv a gutt erweist. A wann een an d'Praxis Problemer begéint, da sollt ee sech och net scheien, fir déi Mesuren ze ënnerhuelen, déi et erméiglechen, déi néideg Reformen am Intérêt vun eise Gesellschaften ze maachen. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Mme Durdu. Deen nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, dir Dammen an dir Hären, fir d'éischt e grousse Merci un de Rapporteur, deen ons a sengem schréftlechen a mëndleche Bericht ganz vill nëtzlech Informatioune geliwwert huet. E Wuert zu éischt zur Form vum Gesetz.

Ech muss soen, dass mir haut eppes Originelles hei wäerte stëmmen, well mir een Text vum Gesetz hunn, wou ongeféier 2/3 vum Text elo schonn an onser Gesetzgebung besteet. Dat ass anscheinend gemaach ginn, fir méi Liesbarkeet an deem neie Gesetz ze hunn. Ech mengen, dass en Text coordonné vläicht datselwecht Resultat bruecht hätt. Ech fannen de Prinzip selwer net esou gutt, wéi wann een higeet an déi Modifikatiounen, déi effektiv an engem Gesetz solle stattfannen, ervirsträicht, an net Texter iwwerhëlt, déi schonn an engem Gesetz bestinn. Dat woren hei alleguerten déi Dispositiounen iwwert d'Kontabilitéit, oder e groussen Deel dovun.

Den éischte wichtegen Deel vum Gesetz ass dee vum Schafe vum Registre de Commerce, ënnert der Form vun engem Groupement d'intérêt économique. Ech muss Iech éierlech soen, Här Minister, dass, wann een e Verglach mécht, also virum Dezember 2000, wou de Registre de Commerce nach ënnert dem ale Regime geschafft huet, tëschent deem wéi et fréier war a wéi et haut ass, da muss ee soen, dass et eng ganz staark Verbesserung ass. An dass um Wee, fir e bëssel che méi privatrechtlech Gestioun an dat Ganzt ze bréngen - ech wëll net d'Wuert Privatiséierung gebrauchen, well dat eng S.A. oder eng S.àr.l. beinhalt hätt, mä well awer mam selwechte Geescht operéiert ginn ass - d'Resultater do awer positiv sinn.

Wéi de Regëster total fonctionnariséiert war, hunn een, zwee Leit d'ganz Aarbecht gemaach, déi puer aner hate meeschtens e Contrat d'aide temporaire. Fir dës Leit waren 3 Méint Zäit néideg fir se ze forméieren, a wéi se da gemierkt hunn, dass se net onbedéngt géingen eng fest Ustellung kréien, ass net méi vill geschafft ginn. Dëst huet zu ganz ville Schwieregkeeten am Registre de Commerce gefouert.

D'Clienten, dat heescht alleguerten déi, déi iergendwéi hu missen op de Registre de Commerce zréckgräifen, hu sech iwwert d'Délaië gëiergert bis iwwerhaapt eppes enregistréiert konnt ginn. Si hu sech nach méi gëiergert iwwert d'Délais de publication. Dat Ganzt huet héiansdo sechs, siwe Méint gedauert. Dat ass inacceptabel op enger Bankeplaz. Dat ass inacceptabel an engem Land. Dat ass net méiglech, wa mir hei wëlle Gesetzer respektéieren, a wann et op eng Kéier administrativ net méi geet.

An zënter dass mir op deen neie Wee gaange sinn, muss ee soen, dass sech eng ganz staark Verbesserung realiséiert huet, an dass d'Satisfaktioun bei alle Leit steigt. Dach muss ee soen, Här Minister, dass Dir nach eppes Klengs kënnt besser maachen, an dat ass ze kucken, dass tëschent dem Dépôt an der Publikatioun am Mémorial, d'Délaië nach e bësse verkierzt ginn.

Déi zweet wichteg Saach ass, Här Minister, - an dat ass vum ADR aus eng Fro an eng Fuerderung un Iech - dass mir en Accès zu deem Registre de Commerce iwwert den Internet erlaben, an dat an senger Intégralitéit. Dat ass esou an allen Nopeschlänner. Et ass och absolut wichteg, dass all Utilisateur, dass jiddfereen an dee Registre, dee public ass, kann nokucke goen, wéi d'Situation comptable a bilantaire vun den eenzelne Betriber ass, wien an de Conseil d'administrationen an an den Direktiounen ass, a wien den Droit de signature huet.

Déi Donnéeë sinn absolut wichteg, wann ee wëllt Transparenz hunn, an et muss net esou sinn, dass all Kéiers, wann ee wëllt een Dokument kucke goen, een da muss zu bestëmmte Stonnen an de Registre de Commerce goen an da kritt een do d'Donnéeën an däerf dra wullen. Et ass esou net méiglech, fir eng Kontroll ze hunn, ob net een en Dokument mat ewechhëlt oder échangéiert. Bref déi ganz Situatioun ass ablécklech an hirem Fonctionnement net gutt. Et muss verbessert, et muss moderniséiert ginn, an dat ass eng Fro vun ons un Iech, Här Justizminister, ob d'Regierung wëllt op dee Wee goen, an et ass och eng Fuerderung vun eis, fir dass d'Regierung soll op dee Wee goen.

Da muss een och begréissen, dass am Gesetz e puer Neierungen dra sinn, déi gutt sinn. Niewent der Aféierung vun engem Groupement d'intérêt économique, ass och de Fait, dass alleguerten d'Etablissements publics elo mussen am Registre de Commerce ugefouert ginn. Och dat hat zu Debatte gefouert. Mä mir mengen, bei der Vielzahl vun Etablissements publics, déi am Laf vun de leschte Joren am Ministère de la Famille an an der Santé geschafe gi sinn, dass et awer bluttnoutwenneg ass, dass och emol d'Deputéierten, an och emol de Public dobaussen, an heiansdo esouguer d'Regierung mol weess, wéivill Etablissements publics se iwwerall dorueter huet.

Wann ee Questions parlamentairë stellt, an et freet een, wéivill Etablissements publics hunn d'Ministèren, da kritt ee keng Äntwert, well verschidde Ministèren - ech hunn nach eng Question parlamentaire offe stoen säit véier Méint -, ënnert anerem de Ministère de Famille, net à même sinn, fir mir eng Lëscht ze gi vun den Etablissements publics, déi se ze verwalten hunn. Dat wär am Kader vun den Debatten iwwert d'Marché-public-Gesetz interessant gewiescht, fir dat eng Kéier nozevollzéien,

M. le Président.- Här Deputéierten, entschëllegt, mir si beim Registre de Commerce.

M. Jacques-Yves Henkkes *(ADR).*- Jo ech weess, mä beim Registre de Commerce, Här President, geet och iwwert d'Etablissements publics Rieds, an ech wollt dat just mat ervirsträichen.

***(Interruption)***

Mir wëllen der Regierung hëllefen, fir e bëssen Uerdnung an hir Dossieren ze kréien. Ech wollt begréissen, dass eng grouss Unanimitéit an deem Sënn war.

***(Interruption)***

Gesitt Dir, et muss een heiansdo hëllefsbereet sinn. Mir mussen an der Oppositioun ëmmer positiv denken, anstatt negativ.

Bei der Kontabilitéit vun de Betriber ass et och wichteg, dass mir dat elo kréien, wat een nennt e Plan comptable. Dat heescht, dass all Betriber elo mussen nom selwechte Schema hire Bilan déposéieren. Dat erlaabt d'Schafe vun enger Centrale des bilans, an och d'statistescht Auswäerte vun deenen Donnéeën, wat bis elo net méiglech war, well do nach zevill Variatiounen erlaabt waren.

D'Betriber mussen och hire Bilan bis de Juli vum Joer duerno déposéieren, an dat wäert fir verschidde Kontabilitéitsgesellschafte Problemer an de Méint August bis Dezember stellen. Mä ech mengen, dass ee vläicht kann hoffen, dass dat net dozou féiert, dass an deenen anere Méint net geschafft gëtt, mä dass se sech au contraire vläicht virschaffen, fir d'Problemer ze léisen. Et ass ee Problem, deen awer huet misse geléist ginn, well et kann ee jo net zouloossen, dass d'Bilanen iwwert ee Joer duerno déposéiert ginn.

Dann d'Akraafttriede vum Gesetz. Do hu mir e puer Dispositiounen an der Commission juridique zréckbehalen. Mir hate mat enger Dispositioun vun der Entrée en vigueur bësse Schwieregkeeten, an zwar fir d'Entrée en vigueur vum Gesetz op den 1. Januar 2005 festzesetzen, zumindest wat een Deel vun den Dispositiounen ugeet.

Ech mengen, dat ass e bësse laang, well dat zitt da mat sech, dass verschidde Kontabilitéitsgesellschaften, verschidde Betriber nach ze vill laang kënne mat deem ale System fueren, sou dass souguer heiansdo a verschiddene Kontabilitéitsgesellschafte muss mat zwee Systemer weidergeschafft ginn. Ech mengen, et wier besser gewiescht, wann et méi séier gaange wier. Ech mengen, dat ass awer kee Grond fir ons, fir elo géint d'Gesetz ze stëmmen. Et ass just eng méi kritesch Bemierkung.

Ech wëll drop hiweisen, dass et nach e weidere Problem gëtt mat der Entrée en vigueur op den 1. Januar 2005. Dat ass, dass mer viraussiichtlech schonn e Joer duerno d'Gesetz nach eng Kéier mussen änneren, an zwar op den 1. Januar 2006, fir d'Kontabilitéit ze änneren, an d'Kontabilitéitsmoossnamen, déi déi Betriber uginn, déi an der Bourse cotéiert sinn. Dat sinn der vläicht net vill, mä et sinn der awer e puer, well déi mussen no den neien europäeschen Direktiven eng aner Form vu Bilan déposéieren, sou dass mer innerhalb vun engem Joer dann nees erëm eng nei Ännerung kréien.

Ech wollt dat just nëmmen ervirsträichen. Duerfir soe mer awer nach, dass dat hei e gutt Gesetz ass, notamment duerch d'Schafe vun engem Groupement d'intérêt économique. Ech fuerderen nach eng Kéier d'Regierung op, dass se den Accès zum Registre de Commerce iwwer Internet erméiglecht. Dat gesot, wäert den ADR dëst Gesetz stëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Ech wäert mech relativ kuerz kënnen halen. Ech wéilt eis Abstentioun par rapport zu dësem Projet motivéieren, dat haaptsächlech dowéinst, well mer mat där Form, déi gewielt ginn ass vum Groupement d'intérêt économique, net averstane sinn. An deem Sënn kënne mer eis un déi Aussoen, déi den Här Klein virdru gemaach huet ralliéieren.

Dës Approche ass net déi initial Approche vun der Regierung gewiescht. Am Ufank war gesot ginn, datt dee Regëster sollt innerhalb vum Enregistrement fonctionnéieren. Dunn awer sinn op eemol Amendementer dozou komm. Mir froen eis e bëssen, firwat datt do d'Richtung gewiesselt ginn ass? Mir si jiddefalls fundamental der Meenung, datt Institutiounen, déi esou en administrativen an informativen, a virun allem awer och normative Charakter hunn, wéi e Registre de Commerce, net a Privathänn gehéieren, mä datt esou Saache mussen d'Aufgab vum Stat bleiwen.

Dat steet, eiser Meenung no, net am Widdersproch zur Noutwennegkeet vun enger Reform vum Registre de Commerce an zu enger Moderniséierung, déi sécherlech dréngend noutwenneg ass, och net zur Approche, fir a Richtung vun engem Guichet unique ze goen. Ech wéilt vläicht do d'Analogie hierstelle mat de Gemengen, vun deenen der jo eng Rei mëttlerweil amgaange si Biergerämter a Guichets uniques ze schafen. Et sinn der och eng Rei amgaang, op de Wee vun der Informatiséierung ze goen. Dat bréngt se awer net op d'Iddi, fir hiren État civil oder aner Beräicher vun hirer Administratioun ze privatiséieren.

Wat pikant ass an där Saach, dat ass, datt e ganze Beräich vun der Informatik weiderhi wäert an der Hand vum Centre informatique de l'État bleiwen, deen déi informatesch Applikatioun weiderentwékkelt, déi gebraucht gëtt. Et kann ee sech also d'Fro wierklech stellen, wou de Sënn vun där Entscheedung hei ass.

Mir menge jiddefalls, datt esou eppes muss staatlech organiséiert ginn, datt eng Administratioun wéi de Registre de Commerce muss dynamiséiert ginn. Sécherlech drängen sech do Reformen op, déi een iwwregens och am grousse Kader misst gesi vun der Réforme administrative, amplaz datt déi Beräicher dann einfach an de Secteur privé ofgi ginn. Dat schéngt eis eng Facilitéitsléisung ze sinn, wou mer net kënnen op dee Wee matgoen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

D'Fro jiddefalls gëtt net kloer beäntwert, firwat datt mer an déi Richtung gaange sinn? Tatsaach ass awer, datt dee Groupement d'intérêt économique schonn zënter bal zwee Joer besteet. Och dat, Här President, schéngt eis eng speziell Praxis ze sinn an ënnersträicht nach méi déi Approche, déi mir gewielt hunn, fir eis bei dësem Projet de loi ze enthalen.

M. le Président.- Merci, Madame Wagener.

Den Här Urbany ass dee leschten ageschriwwene Riedner. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, scho wéi den Handels- a Firmeregister 1987 fir d'lescht enger gréisserer Reform ënnerzu ginn ass, gouf kritiséiert, dass keng Plaz fir d'Informatik géif geschafe ginn. De Personalmangel, deen um Greffe vum Tribunal herrscht, gouf och kritiséiert. Un där Situatioun huet sech an deenen 15 Joer, déi zënterhier vergaange sinn - a verschidde Regierunge sinn dorunner bedeelegt - näischt geännert.

Zënterhier ass awer eng grondleegend Richtungsännerung ënnert där neier Regierung vollzu ginn, déi op eng symbolhaft Aart a Weis en déiwe Schnëtt am bisherege Verständnis vum Funktionement vum Stat a vu senger Souveränitéitsfunktioun virhëlt. D'Gestioun vum Registre de Commerce soll enger privatrechtlecher Gesellschaft, engem sougenannte Groupement d'intérêt économique, iwwerdroe ginn, dee schonn zënter zwee Joer besteet a schafft, nach ier d'Chamber déi Ausriichtung ratifizéiert huet.

Wat ass d'Aufgab vum Registre de Commerce? Den Handels- a Firmeregister organiséiert d'legal Publicitéit vun de Commerçanten a vun de Gesellschaften. Hei muss alles agedroe ginn, wat fir déi Leit wichteg ass, déi mat deene Geschäfter ze dinn hunn, vun de perséinlechen Donnéeën, iwwert d'Gesellschaftsform, déi verantwortlech Géranten, d'Enseigne commerciale, den Objet commercial, d'Kapital, bis zu den Donnéeën iwwert d'Heiratsverträg an natierlech iwwert d'Opléisung vun de Gesellschaften, grad esou wéi all Joer den Dépôt vun de Konten. Dobäi sollen nach kommen duerch dat heite Gesetz d'Donnéeën iwwert d'Handelsermächtegung, d'TVA-Nummeren oder den ekonomesche Code.

De Registre de Commerce gëtt also bestätegt als déi zentral Plaz, wou d'Infomatiounen aus der Ekonomie zesummelafen, wou all Biergerin a Bierger, awer och d'Gerichter an d'Verwaltungen, sech informéiere kënnen. De Registre de Commerce spillt eng wichteg Roll bei der Criminalité économique, bei de Failliten, bei kommerziellen an zivile Prozesser. D'Inskriptioun am Registre de Commerce ass zum Beispill eng Condition de recevabilité vun den Actions en justice vun de Geschäftsleit a vun de Gesellschaften. Um Spill sti ganz dacks wichteg Interesse vun Aarbechter an Ugestallten, déi op hir Pai waarden, a vun anere Créancieren.

Et gëtt vill vu frauduleusë Faillitë Rieds. Ëmmer déiselwecht Personnagen organiséiere Failliten zum Leidwiese vun hire Créancieren. Et ass bekannt, dass dogéint vu Säite vun de Curateuren a vun de Gerichter wéineg ënnerholl gëtt, och well d'Informatiounsquelle feelen. Eng wichteg Informatiounsquell, souwuel fir d'Créancieren, wéi fir de Parquet économique zum Beispill, wier eng informatiséiert Recherche um Numm vun de Persounen, déi majoritär Teilhaber oder Administrateur vu Gesellschafte sinn.

Här President, déi Donnéeë vum Registre de Commerce si prinzipiell öffentlech zougänglech. Doranner besteet hiren Zweck jo. Et stung am ale Gesetz: „Le registre de commerce et des sociétés est public. Communication peut en être prise par toute personne aux heures de service. Toute personne peut également se faire délivrer une copie à ses frais et la faire certifier conforme.“ Am neie Gesetz steet nëmmen nach just e wier public an den Accès soll iwwer e Règlement grand-ducal geregelt ginn. D'Gratuitéit vum Accès, zum Beispill, ass net méi an deem neie Gesetz virgesinn. Et läit och kee Projet vir fir e Règlement grand-ducal. Duerfir ass meng Fro un de Minister: Wéi soll dat geregelt ginn? Muss een an Zukunft zum Beispill bezuelen, wann een iwwer Internet an de Registre de Commerce kucke goe wëllt?

Da steet näischt dran iwwert déi Méiglechkeet vun enger Recherche nom Numm oder no aneren Donnéeë vun där Banque de données, déi et géif erlaben, fir eng Recherche ze maachen iwwert d'Géranten oder iwwert déi majoritär Teilhaber vu Gesellschaften. Wéi soll dat zum Beispill geregelt ginn an deem Règlement grand-ducal, deen d'Regierung bestëmmt scho virbereet huet?

Mer stellen also fest, dass wesentlech Froe vum Funktionement vun deem neie Registre de Commerce dem Afloss vum Parlament entzu ginn.

De Registre de Commerce gëtt jo organiséiert am öffentlechen Interesse, als öffentlecht Publikatiouns-a Kontrollorgan vun den ekonomeschen Aktivitéiten. Et ass e wesentlecht Element vum Ordre public a vum Intérêt public, représentéiert duerch de Stat.

D'gesetzlech Definitioun vun engem Groupement d'intérêt économique ass awer eng ganz aner. Ech zitéieren aus dem Gesetz - den Här Rapporteur huet et och scho gemaach - : „a pour but exclusif de faciliter ou de développer l'activité économique de ses membres, d'améliorer ou d'accroître les résultats de cette activité". Membere sinn déi zwou Patronatskummeren: d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers, als majoritär Teilhaber iwwregens vun där Gesellschaft niewent dem Stat.

Hunn d'Chambres professionnelles als Établissements publics iwwerhaapt eng ekonomesch Aktivitéit, wëll ech hei emol d'Fro opwerfen? Huet de Stat prinzipiell eng ekonomesch Aktivitéit, déi ëm et géif erlaben un esou enger Gesellschaft deelzehuelen, fir seng ekonomesch Aktivitéit domadder besser kënnen ze développéieren?

Dat schéngt alles guer net de Fall ze sinn, dat ass déi falsch juristesch Form déi hei gewielt ginn ass. Et ass net nëmmen inhaltlech kritikabel, wat hei gemaach gëtt, mä ech mengen, dass et och nach reng juristesch, vun der Form hier, dat inadäquatst Instrument ass, wat een hätt kënne sichen, fir esou eng Aktivitéit ze organiséieren. A wa gesot gëtt, der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers hir Clientèle wäre jo d'Haaptutilisateure vum Registre de Commerce, da muss ech mech froen, wann dat an Zukunft de Kritär ass fir d'Gestioun vu staatleche Verwaltungen, da kënne jo elo geschwënn d'Führerschäinsbesëtzer den Transportministère iwwerhuelen, an d'Steierzueler d'Steierverwaltung.

Här President, ech sinn iwwregens och der Meenung, dass den Enregistrement net déi gëeegent Plaz gewiescht wier, fir de Registre de Commerce unzesidelen, wéi déi virecht Regierung dat virgesinn hat, an domadder eigentlech de Grondsteen geluegt huet fir deen heite Virstouss, an deem se wichteg juristesch Notioune matenee verwiesselt huet.

De Registre de Commerce ass jo net fir näischt ee Jorhonnert laang bei de Geriichter ugesidelt gewiescht. Et handelt sech hei ëm den Traitement vu sensiblen Donnéeën, wou verschidde Législatiounen eraspillen, wou Notiounen net nëmmen aus dem Droit administratif, mä och aus dem Droit commercial an dem Droit civil eraspillen. Et war awer och an engem gewësse Mooss berouegend ze wëssen, dass et Greffiere waren, déi ënnert der Opsiicht vu Magistraten hei geschafft hunn.

Wat ännert dorun d'Noutwendegkeet, fir d'Elektronik anzeféieren? Wat ännert dorun de Besoin, fir eng Zentralisatioun vun den Donnéeën ze hunn? Déi jo iwwregens, am Zäitalter vum Internet, net méi eng raimlech Zentraliséierung ass, zum Beispill an engem zentralen Archiv oder an engem zentrale Computer.

M. le Président.- Här Deputéierten Urbany, ech soen et net ganz gär, mä Dir sidd schonn iwwer Är Zäit seit iwwer enger Minutt.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Ech si ganz séier fäerdeg, Här President. Ech sinn iwwregens der Meenung, dass d'Bezierksgeriicht Dikrech, wéi och d'Bezierksgeriicht Lëtzebuerg ganz gutt elektronesch hätte kënne matenee verknäppt ginn, wéi dat iwwregens och an der Belsch de Fall ass, mengen ech ze wëssen. Wou jo gesot gëtt hei, do wier et eng privat Gesellschaft, déi iergendwéi uewe géif dat elektronesch zesummeféieren, mä de Siège vun de Registres de Commerce, souwäit ech weess, sinn an der Belsch och nach ëmmer d'Geriichter.

Deen heite Groupement d'intérêt économique, dee mer elo hei wëlle schafen, dee soll jo kënne richteg Décisiounen huelen, dee soll kënnen driwwer entscheeden, ob d'Immatrikulatiounen an de Registre de Commerce ugeholl ginn oder net.

Et ass jo net de Minister, deen déi Décisiounen hëlt. Soss géif et jo e Recours administratif géint déi Décisioune ginn. Et sinn also privat Ugestellter vun enger Privatfirma, och wa Personnes publiques dra vertratt sinn, déi ënnert der vaguer Autoritéit vum Justizminister, vun der Exécutive also, Décisiounen huelen, an dorunner änneren och déi geriichtlech Recouren näischt, déi géint esou Décisioune virgesi sinn.

Ech froe mech iwwregens, an esou enger wichteger Fro wéi där heiter, wou jo d'Geriichter Kompetenzen ewech geholl kréien, firwat do net Avisë vun den Autorités judiciaires geholl gi sinn zënter 1999, wou jo vill an deem Dossier do geschitt ass. 1987 sinn déi Avisen nach ageholl ginn an do ass keng Rieds dovu gaangen d'Geriichter ze désaiséieren. Ech mengen also aus enger ganzer Partie vun Ursaachen, dass dat heite Gesetz…

***(Interruptions)***

… eng rechtsstaatlech Katastroph ass an ech stëmme selbstverständlech dergéint.

M. le Président.- Merci, Här Urbany. Domadder wier d'Diskussioun eriwwer. Här Minister, wann Der wëllt d'Wuert huelen, da kritt Der et.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Wéinst der Zäit just e puer Remarken - véier, fënnef.

1. Dat hei ass e wichtegt Gesetz vun enger administrativer Reform beim Lëtzebuerger Stat. De Registre de Commerce muss sech senger Zäit upassen, hien ass gegrënnt ginn an enger Zäit, wou et ganz wéineg Gesellschafte gi sinn zu Lëtzebuerg. Duerch d'wirtschaftlech Entwécklung ginn et der haut ganz vill, a si fonctionnéieren op eng modern Aart a Weis, dofir ass dat hei eng Réforme administrative déi um Terrain geschitt.

2. De Registre de Commerce bleift - ech ënnersträichen dat - an öffentlecher Hand. Ech si mat all deenen d'accord, déi sech fir de Service public asetzen an awer fir dëst Gesetz stëmmen. Déi der géint stëmmen, sinn der Meenung, datt de Registre de Commerce muss an öffentlecher Hand sinn. Duerfir ass en ënnert der Autoritéit vum Justizminister.

Ech komme mer net vir, wéi wann ech Chef vun enger privater Gesellschaft wär, well soss hätte mer net drageschriwwen, et wär ënnert der Autoritéit vum Justizminister. De Stat ka Member gi vun engem GIE. Dat steet extra am Gesetz. An d'Chambres professionnelles, par ailleurs, sinn och keng privat Entreprisen, mä dat sinn öffentlech rechtlech Organer nom Gesetz vun 1924.

Hei ass also keng Privatisatioun, Privatisatioun mat där ech och net d'accord wär, mä hei gëtt, ähnlech wéi dat am Ausland de Fall ass, eng Partnerschaft gemaach tëschent öffentlech rechtleche Chambres professionnelles, déi an dësem Beräich täteg sinn, an dem Stat ënnert der Autoritéit vun engem Member vun der Regierung.

3. Dëst Gesetz wäert den 1. Februar a Kraaft trieden. Mir mussen d'Publicatioun vun dem Gesetz an d'Date d'entrée en vigueur hei respektéieren, respektiv eng Rei taktesch Moossnamen nach huelen, duerfir wäert dat den 1. Februar a Kraaft trieden.

4. Ech hu schonn an Optrag ginn, datt mer déi technesch Moossnamen an d'Wee leeden, fir datt och den Accès vum Internet un de Registre de Commerce méiglech gëtt. Dat ass awer méi komplizéiert, wéi dat nëmme just ze décidéieren, dofir wäert dat am Ufank net fonctionnéieren, mä dat bleift mäin Zil, well ech mengen, datt een innerhalb vu ganz kuerzer Zäit muss en Accès hunn un all d'Donnéeën.

Mir hunn eis bei dësem Registre de Commerce vill inspiréiert um hollänneschen, deen allerdéngs vill méi privat ass wéi elei. Do ware jo och d'Sozialisten an der Regierung, dofir ass en do ganz a privaten Hänn. Ech war dat nähmlech kucken an Holland, dat wollte mir net hei. Mä mir wëllen, wéi an Holland, den Accès schnell maachen an och iwwer Internet méiglech maachen.

5. Eng lescht Remarque, eng ganz wichteg am Fong, déi an dëser Debatt vläicht e bësschen ënnergaangen ass, quitte datt de Rapporteur drop higewisen huet. Hei si wichteg Dispositiounen dran, fir eng Preventioun vun de Failliten an Zukunft ze maachen. Nähmlech déi Bestëmmungen, datt an Zukunft deen, deen eng Gesellschaft grënnt, och muss matdeelen op en Dirigeant de droit ou de fait a Gesellschafte war an a wéi enge Gesellschaften, an dat erlaabt dann de Steierverwaltungen dem Minister vun de Classes moyennes matzedeelen, ob dee sengen Obligatiounen, fiskaler an och Sécurité-sociale-Obligatiounen, nokomm ass. Grad esou wéi ee kann d'Autorisation d'établissement oder d'Autorisation de faire le commerce zréckzéien.

Ech wëll am Numm vun der Regierung extra op déi Dispositiounen hiweisen. Wann d'Gesetz a Kraaft ass, am Februar also, wäerte mer diesbezüglech Instruktioune ginn un déi Administratiounen, datt déi sech och déi Demanden ukucken, an datt mer domadder hoffentlech kënnen eng Rei vu Failliten évitéieren.

Ech mengen, datt dat hei ee Gesetz ass, dat wierklech der Wirtschaft zu Lëtzebuerg wäert e bessert Instrument an d'Hand ginn, an zugläich dem Stat an all deenen, déi d'Entreprisen observéieren, méi Informatioune ginn iwwert d'Entreprisen, dass se och éischter kënnen erausfannen, wann Entreprisë schlecht dru sinn, besser kënnen hir Finanzsituatioun vergläichen, an dofir ass dat heiten e Gesetz, mengen ech, wat een ouni ze Zécke ka stëmmen, an all déi, déi et net wëlle stëmmen, solle sech dat an där nächster Minutt nach eng Kéier iwwerleeën, well ech soen lech hei ganz klipp a kloer: Et ass keng Privatisatioun, soss wiere mer e ganz anere Wee gaangen, mir hätten et entweder ganz enger privater Entreprise ginn a mir hätten et aus dem Giron étatique erausginn. Ech mengen, dat wier de falsche Wee gewiescht.

Ech wëll merci soen der Commission juridique, déi hei eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet, well et ass e komplizéierten technesche Text, a besonnesch och hirem Rapporteur dem Här Meyers, dee sech ganz agesat huet, fir dass dësen Text esou schnell konnt duerch dëst Parlament kommen. Ech si frou fir all déi, déi mer hëllefen dës Réforme administrative duerchzebréngen an dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen lech merci!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Den Här Krecké huet nach gefrot fir d'Wuert ze kréien.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här Minister, Dir kënnt nach 10mol hannertenee soen, et wier keng Privatiséierung. Dat hei ass kloer an däitlech eng. Dat gëtt den Etat civil vun eise Gesellschaften, deen net méi an enger normaler staatlecher Administratioun seng Gestioun huet. Dat nennen ech eng Privatiséierung. Wann Dir dat nach 10mol sot, dann ännert dat näischt drun. Dir hätt et da kënnen an der staatlecher Administratioun loossen, awer well Dir d'Impressioun hutt, dass déi staatlech Administratiounen net méi kapabel sinn dat do zur vollster Zefriddenheet ze maachen, dann erkläert Dir wierklech d'Faillite vun der Fonction publique an där dote Fro, an dofir bleiwe mir bei eiser Meenung.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Den Här Urbany huet ganz kuerz d'Wuert gefrot an den Här Henckes. An da kéime mer esou lues zur Lecture vun den Artikelen, well et sinn der 105. Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Ech hätt nach gär eng Fro gestallt iwwert dee Règlement grand-ducal, dee soll kommen.

Wéi ass et mat der Gratuitéit vum Accès, a wéi ass et mat enger Recherche nom Numm vu Leit, déi an de Gesellschafte Verantwortung hunn, fir zum Beispill de Particulieren, awer och zum Beispill dem Parquet économique ze erméiglechen ze retracéieren, wat an de Gesellschafte geschitt, wann en e Verdacht huet, dass do onkauscher Saache geschéien?

M. le Président.- Här Minister, äntwert Der gär direkt?

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Jo, ganz kuerz. Ech hat dat effektiv vergiess.

1. De Règlement grand-ducal ass nach net geschriwwen, dofir kann ech lech deen och haut nach net ginn. Ech hu jo gesot, d'Gesetz trëtt a Kraaft den 1. Februar.

2. D'Gratuitéit: Et ass och haut net gratis. Wann ech fréier als Stagiaire an der Etude an de Registre de Commerce gaange sinn, hunn ech och eppes misse bezuelen. Ech soen awer derbäi, datt déi Tariffer,…

***(Interruptions)***

…déi haut oft beim Stat gefrot ginn, a besonnesch an deem dote Beräich, egal ob et de Statsbeamte mécht oder een an engem GIE, déi si largement net conforme zu där Aarbecht, déi do prestéiert gëtt. Ech mengen, datt een och esou Tariffer muss upassen, ëmsou méi, well et sech hei net ëm privat Leit handelt, mä ëm Entreprisen.

Ech kann lech soen, datt der vill gäre méi e schnelle Service hätten an déi soen, dass si bereet si 25€ ze bezuelen amplaz 5€, mä se hätte gären e Service de qualité. Dofir, mengen ech, muss ee kucken, déi Tariffer esou ze maachen, datt jiddfereen, deen dovunner benefissiéiert, och se ka bezuelen, notamment wann et ëm Associatioune geet. Do muss een also kucken, ob een net Tariffer mécht fir d'Associatiounen engersäits a fir d'Gesellschaften anerersäits, mä dat gesi mer, wa mer d'Reglement ausschaffen.

Déi drëtt Fro iwwert deen Accès, déi kann ech lech an dësem Moment net beäntweren, well ech d'Äntwert net weess.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Wann Der erlaabt, et ass ee reelle Problem. Et kann een déi Recherche maachen doduerch, dass een eng Persoun oder zéng Leit ustellt, dat doten iwwert de Mémorial C ze maachen, awer et kann een et net iwwert den informatesche Wee maachen. Et ass also net, dass een net un déi Informatioun kënnt, mä et muss een zéng Leit ustellen. Do meng Fro: Ass dat noutwendeg? Kann dann net och e Service, a wann dat eng staatlech Administratioun wär, beispillsweis nokucken, an der Iddi vun der Preventioun viru Leit, déi Failliten haten, dass se net ënnert verstoppter Form optauchen. Et kënnt ee liicht eng Recherche maachen an de Ministère kënnt dat liicht erausfannen.

***(Interruption)***

Jo, haut fënns Du dat eraus, Du muss just zéng Leit ustellen, déi dat manuell maachen. A mir erlaben net dat do ze maachen. Doduerch wëlle mer och net erausfannen, dass Leit sech permanent hannert Sociétéiten an hannert Nimm verstoppe ginn, déi Gesellschafte sinn. Da wëlle mer dat och net.

M. le Président.- Här Minister, erlaabt Der nach déi lescht Interventioun vum Här Henckes, an da kucke mer dat ofzerënnen?

***(Assentiment)***

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här Minister, ech hat lech eng kleng Fro gestallt, wat den Accès op den Internet ugeet. Ech mengen, et ass wichteg, datt et op dee Wee geet, an datt déi Informatiounen, déi hei gefrot ginn, kënnen iwwert dee Wee geséchert ginn, mä ech wär frou, wa mir do kënnten e bësse méi séier virugoen.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, ech wëll dem Henckes rappeléieren, dass ech dat beäntwert hat, mä en hat dee Moment net nogelauschtert. Ech hunn dat scho längst an Optrag ginn, mä dat stellt eng Rei informatesch Schwieregkeeten an huet am Ufank net fonctionnéiert, awer d'Zil bleift.

M. le Président.- Domadder ass d'Diskussioun eriwwer. Et deet mer Leed lech matzedeelen, dass et 105 Artikele sinn. Ech wäert mat deem néidegen Zuch an der néideger Mécanique probéieren do derduerch ze kommen.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 105 si gelies an ugeholl.

***(Applaudissements)***

Sou, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an der Verfassungskommissioun, ënnert der Présidence vun eisem Kolleeg Paul-Henri Meyers, si mer amgaang eis Gedanken ze maachen, ob mer net sollen eiser Chamber eppes Guddes undinn an an der Verfassung deen Artikel do änneren. Ech mengen, dat wäert och geschwë geschéien.

Spaass bei Säit, elo musse mer nach ofstëmmen iwwert d'Gesetz.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 38 Jo-Stëmmen, 5 Abstentiounen a 14 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Théo Stendebach) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Här Weiler, ass et zu dësem Gesetz wou Der nach eppes wollt soen?

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Neen.

M. le Président.- Zum Divers? Zum Ordre du jour? D'accord. Dir hutt d'Wuert.

## 8. Ordre du jour

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, mir sinn nach net beim Divers ukomm. Dir sidd Ärer Zäit e bësse viraus. Mir hunn nach zwou Resolutiounen iwwert de Konvent virleien. Vu dass et relativ spéit ass an dass eng Rei Leit nach Engagementer haut den Owend hunn, a vu datt mer muer en Ordre du jour hunn, wou zwar vill Texter drop sinn, mä déi awer net laang dauere wäerten, géif ech proposéieren, dass mer déi Resolutioune muer um Enn vun de Projeten, déi mer…

Une voix.- Um Ufank.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Neen, um Enn vun deene Projeten, déi mer hunn, huelen.

Une voix.- Um Ufank!

M. le Président.- Mer mussen eis hei eens ginn. Lo kritt jiddereen d'Wuert vun den Häre Fraktiounspresidenten an och d'Madame Wagener. Mer kucke awer, dass mer net elo eng Diskussioun maachen, déi méi laang dauert, wéi et gedauert hätt,...

***(Hilarité)***

...wa mer beim ursprünglechen Ordre du jour bliwwe wären. Also, iwwerleet lech dat lo mol ganz seriö. Mir sinn elo gutt lancéiert. Mir hunn nach 20 Minutte virun eis. Ech mengen, dann hätte mer dat dote fäerdeg, Här Weiler! Well ech fäerten, wann elo jiddereen hei d'Wuert freet,…

Une voix.- Jo, wann Dir nach laang schwätzt,…

M. le Président.- ...fir seng Appréciatioun ze ginn, dann dauert et genau sou laang. Also, ech ginn dovunner aus, dass d'Chamber domadder d'accord ass, dass mer haut den Ordre du jour evakuéieren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Ass dat esou?

Une voix.- Neen.

M. le Président.- Ass dat net esou? Här Weiler, Dir hutt d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, ech weess net, wat an lech gefuer ass, mä Dir huelt hei Décisiounen iwwert de Kapp vun der Chamber ewech! Sou kann et jo awer net sinn.

Ech hunn eng Propos gemaach, fir déi zwou Resolutioune muer um Enn vun der Sitzung no de Projeten ze huelen. Den Här Rippinger huet dozou d'Wuert gefrot an och déi aner Fraktiounspresidenten. Dir hat gesot, Dir géift hinnen d'Wuert ginn. Da loosst mer fein demokratesch virgoen.

M. le Président.- Da maache mer dat.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Loosst jiddereen emol hei seng Meenung soen, an da kënnt Dir Konklusiounen dorauser zéien.

M. le Président.- Merci, Här Weiler. Also, fir d'éischt dann den Här Rippinger. Här Rippinger, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, mir si mat där Propositioun d'accord. Et ass eis egal, ob et elo muer als éischte Punkt kënnt oder als leschten. Ech géing vläicht proposéieren, well et haut dee leschte Punkt war, dass et muer als éischte Punkt géing kommen.

Une voix.- Très bien.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Mä, wéi gesot, dat mécht der Kaz kee Bockel. Mir sinn d'accord, dass et muer kënnt. Ech wëll awer nach bäifügen, wa muer d'Temperatur heibannen nach esou ass, wéi se elo ass, da froe mer, dass mer d'Chamber iwwerhaapt reportéieren op en aneren Dag, well ënnert deene Konditioune kënne mer net méi hei sëtzen, dass et kal ass an dass d'Apparatur net geet. Dofir hätt ech gären, dass Dir dat géingt un de President Spautz viruginn, dass dat muer an der Rei ass.

M. le Président.- Also, Här Rippinger, wann ech richteg verstan hunn…

Une voix.- Et ass kal ewéi eng Sau heibannen, jo!

M. le Président.- Här Rippinger, wann ech richteg verstan hunn, hu mer keng Chamber méi bis den 3. Dezember. Do wäerte mer d'Heizung oder d'Klimaanlag wuel gefléckt kréien. Här Krecké, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Wann dat de Majoritéitsparteie kann hëllefen, fir dass se sech eens ginn, do hunn ech kee Problem dermat, dass mer dat nach bis op muer verleeën. Mä ech wëll awer drop hiweisen, dass, bedéngt duerch d'Visite vum President aus der Slowakei, eenzel Kolleegen Obligatiounen hunn. Wa mer dat also op halwer dräi verleeën, dann hätt ech gär, dass déi Kolleege vun hiren Obligatiounen, déi se dem Premierminister ginn hunn, hei enthuewe ginn. Wann net, dann hätt ech gär, dass et hannenhinner kënnt.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet d'Wuert an dann d'Mme Wagener.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, d'Saach gëtt elo net méi einfach. Also, ech kann och domat averstane sinn, dass mer et op muer reportéieren. Mä mir hu muer den Owend um sechs Auer Engagementer och vis-à-vis vun engem Ministère an enger Verwaltung, sou dass, wa mer et géingen op muer reportéieren, mir dat natierlech da gären op halwer dräi hätten.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Mme Wagener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wéilt dann d'Géigeried halen. Als eng vun de Matënnerschreiwerinne vun enger vun deene Resolutioune muss ech soen, datt et mir ganz schlecht muer de Mëtte fréi géif goen. Ech hätt et léiwer um Schluss.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Här Weiler, soll ech elo d'Konklusioun zéien?

***(Brouhaha général)***

Une voix.- Leet et an d'Mëtt.

Une autre voix.- Macht emol eng Propos, Här President.

Une voix.- Här President, ech géif proposéieren, mer maachen et um véier Auer muer de Mëtteg.

M. le Président.- Ech proposéieren lech elo eppes.

Mir probéieren nach eng Kéier an eis eranzegoen. Ass et wierklech net méiglech, dass mer dat elo evakuéiert kréien? Ech stellen nach eng Kéier d'Fro.

***(Interruptions)***

Oder ass de Konsens dann deen, dass mer et muer um véier Auer maachen?

Plusieurs voix.- Très bien. Jo.

M. le Président.- Muer um véier Auer?

Une voix.- Jo, muer um véier Auer.

M. le Président.- Ech stelle fest, dass eng Majoritéit vun den Deputéierten dofir ass, d'Resolutioune muer um véier Auer drun ze huelen.

Déi nächst Sitzung ass muer um halwer dräi. D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.52 heures)***

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live
**Chamber TV**
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
**www.chd.lu**
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

## Ordre du jour

1. 5028 - Projet de loi portant reconduction des mesures transitoires prévues à l'article 2, paragraphe 2 de la loi du 4 novembre 1997 portant modification des articles 2, 12, 22 et 26 de la loi modifiée du 28 décembre 1988 concernant le droit d'établissement

   *(Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

2. 4911 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et de la République de Slovénie tendant à éviter les doubles impositions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et du Protocole y relatif, signés à Ljubljana, le 2 avril 2001

   *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

3. Dépôt de deux propositions de révision de la Constitution

4. 5026 - Proposition de loi de M. Norbert Haupert modifiant la loi du 25 juillet 2002 portant réorganisation de l'administration du cadastre et de la topographie

   *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte de la proposition de loi - Vote sur l'ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

5. 4427 - Projet de loi portant approbation de la Convention tendant à faciliter l'accès international à la justice, faite à La Haye, le 25 octobre 1980

   *(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

6. Question avec débat N° 26 de M. Jean Colombera relative à l'aspect biomédical à l'école

7. 4912 - Projet de loi

   - portant approbation des Amendements à l'Accord relatif à l'Organisation Internationale de Télécommunications par Satellites «INTELSAT», adoptés par la vingt-cinquième Assemblée des Parties d'INTELSAT à Washington, D.C., le 17 novembre 2000;

   - portant approbation de l'Amendement à l'article 23 de l'Accord d'exploitation relatif à l'Organisation Internationale de Télécommunications par Satellites «INTELSAT», adopté par la trente et unième Réunion des Signataires d'INTELSAT à Washington, D.C., le 10 novembre 2000;

   - portant abrogation de la loi du 15 juin 1994 portant approbation du Protocole relatif aux privilèges, exemptions et immunités de l'Organisation Internationale de Télécommunications par Satellites (INTELSAT), fait à Washington, le 19 mai 1978

   *(Rapport de la Commission des Media et des Communications - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

8. 4786 - Projet de loi portant approbation des Amendements au préambule, aux articles I; II; III; V; VI; VII; IX; X; XII; XIII; XIV; XV; XVI; XVII; XVIII; XXI et à l'annexe A de la Convention portant création de l'Organisation Européenne de Télécommunications par Satellite „EUTELSAT" tels qu'ils ont été adoptés à la 26ème réunion de l'Assemblée des Parties à Cardiff, le 20 mai 1999

   *(Rapport de la Commission des Media et des Communications - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

9. Résolutions de M. François Bausch et de M. Lucien Weiler sur l'exécution de la décision du 15 mai 2002 de la Chambre des Députés d'instituer une convention sur l'avenir du Luxembourg

   *(Discussion générale - Votes)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mme Anne Brasseur et M. François Biltgen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da komme mer direkt zur Diskussioun vum Projet de loi 5028 iwwert den Droit d'établissement. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: den Här Fayot, d'Mme Beissel an den Här Garcia. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Ady Jung.

### 1. 5028 - Projet de loi portant reconduction des mesures transitoires prévues à l'article 2, paragraphe 2 de la loi du 4 novembre 1997 portant modification des articles 2, 12, 22 et 26 de la loi modifiée du 28 décembre 1988 concernant le droit d'établissement

***Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement***

M. Ady Jung *(CSV), rapporteur.*- Här President, honorabel Kolleeginnen a Kolleegen, viru ronn fënnef Joer, an zwar mam Gesetz vum 4. November 1997, ass hei an der Chamber eng Reform vu verschiddenen Artikele vum ëmgeännerte Gesetz vum 28. Dezember 1988 iwwert d'Nidderloossungsrecht virgeholl ginn, well sech erausgestallt hat, datt eist Nidderloossungsrecht vun 1988 a verschidde Punkten den Erausfuerderunge vun der Zäit misst ugepasst ginn. Mam Artikel 2, Paragraph 2 vun deem Gesetz vun 1997 gouf d'Entstoe vun neie Groussflächegeschäfter gebremst a versicht d'Vergréisserung vu Grandes surfaces, déi scho bestinn, a vertrietbare Moossen ze halen.

Laut de beluegten Zuele vum STATEC ass erwisen, datt mir hei a Lëtzebuerg eng gewësse Saturatioun vu Groussflächegeschäfter hunn. Dofir ware mam virgenannte Gesetz vun 1997 Iwwergangsbestëmmungen agefouert ginn, datt während fënnef Joer keng Spezialermächtegung erdeelt géif, fir nei Grandes surfaces vun enger Gesamtfläch vu méi wéi 10.000 m2. Datselwecht huet och gegolle fir d'Schafen an d'Vergréissere vun engem Geschäftszentrum oder engem spezialiséierte Geschäft. Éischtens, wann d'Verkafsfläch vun der Haaptbranche, lesswueren an Haushaltsartikelen, iwwer 4.000 m2 soll hunn, oder zweetens, wann d'Haaptbranche Textil méi wéi 3.000 m2 soll hunn, oder drëttens, wann d'Verkafsfläch fir d'Haaptbranche Bau & Heem méi wéi 4.000 m2 grouss soll sinn.

Fir déi Geschäftsflächen, déi do bestinn, zielen d'Moossen, wéi se sollen no der geplangter Vergréisserung ausgesinn. Dëse Moratoire, deen den 28. November 2002 zu Enn geet, war agefouert ginn, engersäits am Interesse vun établéierte Commercen an deenen Aarbechtsplazen, déi do bestinn, anerersäits, fir d'Liewensqualitéit an eisen Uertschaften, an deene groussen, wéi och an deene méi klengen, ze erhalen, besonnesch am Hibléck op eis manner mobil Matbierger, fir eis Handicapéiert an eis eeler Leit.

Well d'Situatioun, wat d'Saturatioun vu Groussflächegeschäfter ugeet, haut vis-à-vis vun 1997 net weider geännert huet, sollen also mat deem Gesetz, iwwert dat mir haut hei ofstëmmen, déi virgenannten Iwwergangsbestëmmunge fir weider dräi Joer verlängert ginn.

De Projet de loi 5028 gouf den 20. September 2002 vum Mëttelstandsminister déposéiert. D'Kommissioun huet an hirer Sitzung vum 17. Oktober de Rapporteur bestëmmt an huet de Gesetzestext, esou wéi och d'Avise vum Statsrot a vun deene verschiddene Beruffschamberen zur Kenntnis geholl. All dës Avise ware positiv, ausser deem vun der Aarbechterkummer, woubäi awer dës keng konkret Virschléi gemaach huet, wéi een et kënnt besser maachen.

Den Text an de Rapport goufe majoritär vun der Kommissioun ugeholl, mat zwou Enthalungen, déi doduerch begrënnt goufen, dëse Projet de loi géing ze séier iwwert d'Bühn goen. Heizou sief bemierkt, datt et sech ëm e Gesetz vun engem eenzegen Artikel handelt, deen de Moment a Kraaft ass, an dee leedeglech ëm dräi Joer verlängert gëtt. Wann dëst Gesetz net kuerzfristeg géif gestëmmt ginn, da géif e Vide juridique entstoen, mat all deene Konsequenzen, déi dat kënnt no sech zéien. Mat dëser Verlängerung vun Iwwergangsbestëmmungen geet et net drëm, fir eng natierlech Entwécklung opzehalen, mä et geet drëm, nei Demandë fir zousätzlech Groussflächegeschäfter mat Virsiicht ze behandelen, fir datt déi gewuesse Strukturen an eisem Verdeelersecteur net ze staark aus dem Gläichgewiicht kommen, a fir net déi Aarbechtsplazen, déi do bestinn, muttwëlleg a Fro ze stellen.

Et si Bestëmmungen, déi engersäits eis Konstitutioun respektéieren, anerersäits d'Iwwerliewenschancë vum Commerce an den Uertschaften an an de Wunngebidder eropsetzen.

Ech bieden Iech dofir am Numm vun der Mëttelstandskommissioun, fir dëst Gesetz ze stëmmen, am Interesse vun enger gesonder Wirtschaft, am Sënn vum Erhale vun eise gewuessene Verdeelerstrukturen, am Interesse vun de Konsumenten, am Interesse vun deenen Aarbechtsplazen, déi an de mëttelstännege Betriber bestinn, an am Interesse vun der Liewensqualitéit, déi mer an eisen Uertschafte wëllen a mussen erhalen.

Ofschléissend Här President, wëll ech dann och am Numm vun der CSV-Fraktioun matdeelen, datt mir selbstverständlech dëst Gesetz stëmme wäerten.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, no deem enflammëierten, engagéierten an ausféierleche Rapport vum Här Jung ass natierlech net méi ganz vill zu dësem wichtege Projet ze soen.

Ech wëll trotzdeem awer onsem Befriemen Ausdrock ginn, datt, esouguer wann dat e Gesetz ass, wat nëmmen een Artikel huet, et awer e wichtegt Gesetz ass, well et eng Situatioun weiderschreift, déi duerch e Gesetz vun 1997 festgeluegt ginn ass, an onst Befriemen doriwwer trotz allem, Här Jung, datt een esou eppes kann an enger Sitzung vu vir bis hannen iwwert d'Bühn kréien, datt een net wéinstens emol eng Sitzung nach weidermécht, wou dann de Rapporteur Zäit hätt säi Rapport ze schreiwen an op dat anzegoen, wat an der Kommissioun gesot ginn ass.

Et ass eng Prozedur, wann d'Leit dat dobausse liesen, da musse se sech jo awer d'Fro stellen, wéi allmächteg esou e Rapporteur hei an der Chamber muss sinn, deen e Gesetzestext zur Kenntnis hëlt, d'Diskussioun an der Kommissioun zur Kenntnis hëlt, d'Avisen zur Kenntnis hëlt, dann direkt säi Rapport schreift, an deen dann och nach unhuele léisst. Also dat ass wierklech eng extraordinär Performance.

***(Interruptions diverses)***

Héchstwahrscheinlech ënnerschätze mer ons.

Här President, ech wollt just ee Wuert zum Inhalt soen. Mir fannen et wichteg, datt een nach wie vor an der grousser Distributioun virsichteg ass. Ofgesi vun deenen Ursaachen, déi den Här Jung uginn huet, ass et wichteg, datt mer och nach eng Distributioun an den Uertschaften an an de Quartiere vun der Stad behalen. Mir hunn, dat wëll ech hei soen, als Conseiller vun der Stad Lëtzebuerg, a villen Deeler vun der Stad Lëtzebuerg ëmmer manner kleng Geschäfter. Déi droe bäi zur Kohäsioun vun enger Localitéit, vun enger Uertschaft a vun engem Stadquartier. Et ass net nëmme fir eeler Leit wichteg, mä et ass och fir d'Leit alleguerte wichteg, déi do wunnen. An dofir mengen ech schonn, datt de Mëttelstandsminister eng wichteg Aufgab huet, fir dat ze assuréieren, grad esou gutt wéi d'Gemengen.

Ech hunn déi Entwécklung an deene leschten 20 Joer ganz gutt konnen a verschiddene Quartiere vun der Stad Lëtzebuerg observéieren, wéi ëmmer méi Geschäfter zougaange sinn a wéi d'Leit ëmmer méi forcéiert gi si mam Auto op d'grüne Wiese ze fueren, fir do hir Akeef ze tätegen. Dat ass keng gutt Entwécklung. Dat encouragéiert natierlech erëm eng Kéier den Individualverkéier, an dréit och net zur Kohäsioun vun onsen Uertschafte bäi. Dofir approuvéiere mir selbstverständlech dëse Gesetzesprojet, a mir wäerten en och stëmmen.

Merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel agedroen. D'Madame Beissel huet d'Wuert.

M. Ady Jung *(CSV), rapporteur.*- Här President, wann Der erlaabt, ech wëll just dem Här Fayot äntwerten, datt de Rapport écrit genügend Zäit am Viraus bekannt war, esou datt all Member vun der Kommissioun hätt kënnen, wann en et hätt wëllen, dozou Stellung huelen.

M. le Président.- D'Mme Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur Ady Jung merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, et ass esou vill gesot ginn iwwert dëse Projet, esou dass ech wëll just an engem Saz resüméieren, wéi d'Iddi ass vun der DP.

Dee Projet de loi hei ass an där Hinsicht ganz wichteg, well et ee vun de Moyenen ass, ee vun de Steierungsinstrumenter, déi eis Regierungsautoritéiten hunn, fir am Kader vun der Politik vum Mëttelstand oder vun der Politique commerciale ganz kloer Akzenter ze setzen, fir den Equiliber ze maachen tëschent de ganz grousse Surfacen an dem mëttleren an dem klenge Commerce.

Mir hunn als DP dee Projet ganz genau ënnert d'Lupp geholl, och an der Kommissioun eisen Accord ginn, an dofir bréngen ech heimat den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och vun eiser Säit aus den Accord zu dësem Projet de loi bréngen, wat eiser Meenung no e wichtege Schratt ass. Mir hu gëschter an der Debatt iwwert d'Situatioun um Aarbechtsmaart higewisen, wéi wichteg datt et ass, datt mer e staarke Mëttelstand hunn, esou datt mer eis haut net méi brauchen hei ze widderhuelen. Dëse Projet de loi ënnersträicht d'Wichtegkeet vum Mëttelstand.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Robert Garcia.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wäert mech menge Virriedner a Virriednerinnen uschléissen an den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Mëttelstandsminister Fernand Boden. Här Minister, entschëllegt, d'Wuert huet nach den Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, ech hu just eng Minutt. Déi fënnef Joer Moratoire hate bis elo als Resultat, dass déi Mëttelhandelschaînen CACTUS, Courthéoux an esou weider alleguerte konnten ausgebaut ginn, an dass den Handel an den Uertschaften an an de Stied doduerch net besser ginn ass.

Dofir gëtt et konkret Ursaachen: Dat sinn d'Präisser, mat deenen d'Geschäftsleit oder d'Epicerien net kënne mathalen. Dat sinn d'Loyeren zum Beispill, déi an de Stiet ze heich sinn. Et ginn zwou Méiglechkeeten, fir dogéint ze wierken. Dat ass entweder den Handel ze ënnerstëtzen op lokalem Plang, net nëmmen a rurale Gebidder, an et gëtt d'Méiglechkeet, fir zum Beispill d'Supermarchéen ze obligéieren an de Quartieren an an den Uertschafte Superetten opzemaachen, an deene fir d'Grondbesoinen zu normale Präisser genuch Wuere sinn, fir dass och d'Leit an den Uertschafte sech dohinner kënne bewegen, niewent an amplaz deene Superetten, déi jo elo scho bestinn an Tankstellen awer net an den Zentre vun den Uertschaften.

Dofir mengen ech, dass och eng Verlängerung vun deem Moratoire hei näischt Wesentleches méi bréngt, wéi bis elo. Ech hu keng prinzipiell Bedenke géint dee Moratoire. Dofir wäert ech mech bei deem Vote enthalen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Minister Fernand Boden.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen all deenen, déi sech hei un dëser Debatt bedeelegt hunn, en häerzleche Merci. Et ass eng ganz konstruktiv Debatt. Ech soe virun allem och merci dem Rapporteur, dee besonnesch an dëser Problematik ëmmer nees eng grouss Sachkenntnis an e grousst Engagement ëmmer nees beweist an och dofir suergt, datt dës Dossierë virugedriwwe ginn, deem enge vläicht ze schnell, mä op jidde Fall gëtt effikass dru geschafft, an ech soe merci, datt mer haut kënnen dëse Projet hei diskutéieren.

Dir wësst, dat ass jo och gesot ginn, datt 1997 eng relativ grondleegend Reform gemaach ginn ass, fir d'Autorisatioune fir eng Grande surface nei ze regelen, an niewent der Léisung vu ganz wichtege prozeduralen an technesche Froen ass och e Moratoire vu fënnef Joer agefouert ginn.

Wat dëse Moratoire ubelaangt, wëll ech kuerz nach eng Kéier u meng Motivatioun vun deemools erënneren. „Op fënnef Joer, also zäitlech begrenzten Aschränkungen, sollten eng Denkpaus erméiglechen, de Maart dobausse berouegen a besonnesch verhënneren, datt ganz grouss Projeten, déi am Ausland ofgewise goufen, elo an eisem Land verwierklecht ginn, an duerch hir iwwerdimensional Gréisst eng Gefor fir d'Iwwerliewe vun eisem etabléierte Commerce duerstellen". Dee Moratoire leeft Enn dëses Mounts elo aus. Dofir huet d'Regierung schonn am Virfeld, wéi se mat alle konzernéierte Partner geschwat huet, fir de Plan d'action fir de Mëttelstand festzeleeën, festgehalen, datt dee Moratoire sollt verlängert ginn, well d'Argumenter, déi gegollen hunn, wéi de Moratoire agefouert ginn ass, haut nach ëmmer gülteg sinn.

D'Motiver sinn, fir dofir ze suergen, datt e gesonden Equiliber geschafe gëtt tëschent enger komplett fräier Maartwirtschaft an dem Schutz vun de klengen a vun de mëttelgrousse Geschäftsstrukturen, déi meechtens iwwer Jorzéngten hei am Land gewuess sinn, an déi wesentlech sinn, fir e gudden Approvisionnement vun eiser Bevölkerung an alle Géigende vum Land.

Et geet och drëm, fir d'Geschäftswelt an de Stiet an an den Dierfer virun enger iwwermächteger Konkurrenz ze schützen, well mer dës Geschäftswelt an de Stiet an Dierfer brauchen. Si beliewen, wéi gesot, de Stadskär oder den Duerfkär, a si stellen och domadder eng sozial wichteg Kompetenz duer. Eng komplett Liberalisatioun hätt vill méi e groussen Drock vun auslännesche Gruppe mat sech bruecht, deen eis Geschäftsstrukturen a virun allem och de Mëttelstand net ouni Schued onbedéngt ausgehalen hätten.

De Moratoire - ech wëll dat nach eng Kéier hei betounen - ass net géint eng natierlech Entwécklung, souwuel op Kommersantenniveau, wéi och op Konsumentenniveau geriicht. An deene leschte Joren huet de Commerce sech jo och hei am Land weiderentwéckelt, mä et geet drëm, fir eng exzessiv Konzentratioun a verschiddene Branchen ze verhënneren, an dat sensibelt Gläichgewiicht tëschent den Interesse vun de klengen a mëttlere Kommersanten an deene ganz groussen Akafszentren ze halen. Dofir soll de Moratoire ëm dräi weider Joer weidergefouert ginn.

En anere Grond fir d'Verlängerung ass, datt deen éischte Moratoire vu fënnef Joer am Fong seng richteg Effeten elo eréischt weist. Dir wësst, datt wann een esou e ganz grousse Projet wëllt realiséieren, datt dat eng ganz laang Virbereedungsphas bedeit. En etlech vun deene Projeten, déi elo an der Lescht ofgeschloss gi sinn, sinn nach Projeten, déi ënnert der aler Législatioun autoriséiert gi waren. De Moratoire, deen 1997 ugefaangen huet, fänkt am Fong geholl elo eréischt un an der Praxis ze spillen. Dofir ass et wichteg a sënnvoll, fir de Moratoire e bëssen ze verlängeren, fir eng genee Analys ze maachen, wat d'Vir- an d'Nodeeler dovu waren, an dann eng Décisioun ze huelen, wéi et soll no dësen dräi Joer weidergoen.

Parallell dozou wëll ech awer och soen, datt mir ganz genee observéieren, wat sech an der Groussregioun deet, wat sech un eise Grenzen deet, fir net Entwécklungen, déi vun de Konsumente gewënscht sinn, ze bremsen. Mir hu keen Intérêt drun, datt ganz interessant Hypermarchéen, déi vun de Konsumente géife gefrot ginn, géifen un de Grenzen opmaachen, an datt eis Lëtzebuerger Konsumente géifen dohinner goen, wa mer dat hei am Land géife verbidden. Dofir wëlle mer eng gewësse Flexibilitéit behalen. De Moratoire ass also nëmmen op dräi Joer ausgedehnt ginn. Mir observéiere genee, wat sech ronderëm eis deet a wëllen dann och deemno handelen.

Also nach eng Kéier ofschléissend: Et handelt sech hei net ëm en Instrument vu Protektionismus, wéi vun deem engem oder anere gesot ginn ass, oder ëm eng iwwerdriwwen Aschränkung vun der Fräiheet vum Commerce, mä et ass éischter en Instrument, wat soll de ruinéise Verdrängungswettbewerb vermeiden, an de Moratoire soll verstane ginn als eng Paus, déi de Maart berouegt an dee verhënnert, datt déi ganz grouss auslännesch Gruppen hei alles erdrécke kënnten. Well mir haten e gewëssene Moment eng grouss Demande vu ganz grousse Gruppen, fir hei Hypermarchéen opzeriichten. Déi ass, Gott sei Dank, duerch de Moratoire, deen haut besteet, e bëssen ofgebremst ginn. A wéi gesot, mir wëlle versiche fir no deenen dräi Joer, déi elo zousätzlech dobäi kommen, eng nei Diskussioun mat Iech zesummen hei an der Chamber doriwwer ze féieren.

Merci nach eng Kéier fir déi breet Ënnerstëtzung fir dëse Projet. Ech hoffen, datt e gläich kann a Kraaft trieden.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 5028 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Lucien Clement), MM. Laurent Mosar, Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Jean-Paul Rippinger), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Emile Calmes), John Schummer et Théo Stendebach.*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Lucien Lux), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein) et M. Marc Zanussi.*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.*

*MM. François Bausch (par M. Camille Gira), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4911, e Steierofkommes tëschent Lëtzebuerg an der Republik Slowenien. Et si schonn ageschriwwen: déi Hären Alex Bodry a Gusty Graas. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

## 2. 4911 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et de la République de Slovénie tendant à éviter les doubles impositions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et du Protocole y relatif, signés à Ljubljana, le 2 avril 2001

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet haut mat dësem Projet de loi 4911 drëm, fir eng Konventioun iwwert d'Duebelbesteierung zwësche Slowenien a Lëtzebuerg ëmzesetzen, nodeem mer de 17. Oktober datselwecht gemaach haten am Beräich vun der Sécurité sociale, wou mer esouguer schonn eng Dispens vum zweete Vote kritt hunn de 5. November.

Slowenien ass jo e Land, dat fréier - dat wësst Dir - zu dem éisträichesch-ungaresche Räich gehéiert huet an no 1918 am Fong geholl an déi sozialistesch Republik vu Jugoslawien agebonne ginn ass. Doduerch huet et eng grouss industriell Vergaangenheet, an déi huet him och, mengen ech, geholl ef, wéi dat Land de 25. Juli 1991 onofhängeg ginn ass, fir séier ze evoluéieren an e Liewensstandard ze kréien, deen ähnlech ass mat deene Länner aus der Europäescher Unioun.

Slowenien ass also haut och Kandidat fir d'Europäesch Unioun, an nieft Malta, Zypern an Estland, géif ech mengen, wär et am Spëtzepeloton, wat d'Performance économique an de Liewensstandard ugeet. Do kann een och feststellen, dass dat ongeféier fir duerchschnëttlech 75% vun der Moyenne vun der Communautéit an dësem Land de Fall ass, wat also beweist, dass dëst Land wahrscheinlech 2004 zu der Union Européenne stousse wäert. Et ass e Land mat 2 Milliounen Awunner. Et ass also e klengt Land mat 20.000 km$^2$.

Et läit zwëschen Italien, Éissträich, Ungarn a Kroatien an et huet och eng Adria, grad esou wéi aner Länner do ënnen. Et ass vergläichbar am Fong mam Littoral belge, well et ongeféier 50 Kilometer Plage huet. Et huet och Alpen, wou de Wantersport grouss geschriwwe gëtt, besonnesch zu Maribor, der zweetgréisster Stad, wou all Joer vun der FIS e grousst Renne stattfënnt.

Et ass e Land, wat wéineg Vertrieder hei zu Lëtzebuerg wunnen huet, nëmmen eng 60 Leit residéieren hei zu Lëtzebuerg. Et sinn der awer och e ganze Koup, déi iwwert déi lescht Jorzéngte d'Lëtzebuerger Nationalitéit kritt hunn.

Ech géing mengen, et wär wierklech ubruecht, et géif Sënn maachen an et wier opportun am Fong geholl, weider legislativ Mëttelen ze kreéieren, fir eis bilateral Bezéiungen ze verbesseren, ëmsou méi déi kommerziell Échangen tëschent Lëtzebuerg a Slowenien an d'Luucht gaange sinn, an och ëmsou méi déi mënschlech Relatiounen,- wéi kann ech soen, am Opbroch sinn.

Et gëtt e Jumelage tëschent Péiteng a Maribor, der zweeter Stad vu Slowenien. Dëse Jumelage ass entstanen an enger Zäit, wou dëst Land nach keng Onofhängegkeet hat. Ech wëll gären nach eng Kéier rappeléieren, dass den deemolege Statsminister, de Jacques Santer, grad esou wéi de Franc Dreu, Consul honoraire, deen och hei zu Lëtzebuerg um Houwald wunnt, an och deen deemolege Buergermeeschter, de René Putzeys, dem Land e gudde Coup de main ginn hunn, fir an de Joren 1991 eng international Unerkennung ze kréien.

Wat elo d'Konventioun ugeet, wollt ech kuerz e puer Elementer erausschielen, déi par rapport zu dem Modell, wéi d'OCDE en huet, a wat d'Duebelbesteierung ugeet tëschent Lëtzebuerg an anere Länner, Verschiddenheeten opweisen.

Éischtens ass et emol, wat d'Besteierung ugeet vun de Pensiounen, esou: D'Pensioune gi besteiert am Ursprungsland an net, wéi de Modell et virgesäit, am Residenzland vum Bénéficiaire. Dës Situatioun versteet sech, wann ee gesäit, wéi et mat de Sozialtransferten hei vu Lëtzebuerg an d'Ausland ass. Heieraus entsteet dann déi Situatioun, dass eng Persoun, déi a Slowenien residéiert, trotzdeem hei zu Lëtzebuerg besteiert gëtt.

Eng komplementar Dispositioun heizou ass déi, dass och d'Revenue vun Artisten a Sportler, déi eng Aktivitéit hunn, déi net an hirem Land ass, besteiert ginn am Residenzland. Dëst geschitt am Kader vu Sportsprogrammer a kulturelle Programmer.

En anert Element vun der Konventioun ass, fir d'Echangë vum Léierpersonal ze favoriséieren. Wann do Echangë stattfannen, déi manner wéi zwee Joer daueren, ginn déi net besteiert, wann et doriwwer erausgeet, da si se besteierbar bei dem Léierpersonal am Kader vun Universitéiten, Kolléijen oder soss Schoulen. Wat d'Studenten, d'Léierjongen an d'Stagiairen ugeet, do gëtt et och eng Exemptioun fir d'-Besteierung am Kader vu Boursen, vu Präisser oder soss spezifeschen Allocatiounen, déi vu wëssenschaftlechen Organisatiounen, kulturellen Organisatiounen, éducativen oder soss Organisatioune gemaach ginn.

Wat elo d'Method ugeet, fir déi Duebelbesteierung ze maachen, muss ee feststellen, dass d'Lëtzebuerger dat iwwer eng sougenannten Exemptioun maachen, dat heescht, dass am Fong geholl d'Lëtzebuerger drop renoncéieren, wann een a sengem Land besteiert gëtt. An dësem Fall ass et Slowenien. D'Slowenen hunn e Système d'imputation. Si maachen also eng Déduction d'impôts, déi equivalent ass zu deem, wat ee besteiert gëtt an deem Land, wou een da residéiert.

Wéi gesot, et ass eng Konventioun, déi Sënn mécht. Fir aner Elementer géif ech vläicht d'Kolleegen bieden, am Projet de loi, an der Konventioun oder an dem Exposé des motifs nozeliesen. Och géif ech Iech alleguer bieden, dëse Projet ze adoptéieren. De Projet ass unanime an der Kommissioun ugeholl ginn, esou dass dat kee Problem dierft sinn. Ech géif an engems den Accord vun der CSV bréngen.

Ech soen Iech merci!

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gusty Graas.

***Discussion générale***

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, vu dass Slowenien eent vun deene Länner ass, dat jo muer an d'Europäesch Unioun kënnt, ass et also wichteg, dass mer déi bilateral Relatioune mat deem Land nach méi verstäerkt fleegen, an an deem Sënn wäerte mir selbstverständlech eisen Accord zu deem Projet de loi bréngen. Ech wëll awer och gläichzäiteg dem Kolleeg Halsdorf nach merci soe fir säi mëndlechen an och schréftleche Bericht.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, am Numm vum Här Bodry bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet och nach d'Wuert gefrot.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech wëll och vun eiser Säit eisen Accord zu dësem Projet de loi bréngen an dem Rapporteur merci soe fir déi Explicatiounen, déi hien der Chamber ginn huet.

M. le Président.- Den Här Urbany huet nach d'Wuert gefrot.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, ech si selbstverständlech net géint déi Konventioun hei. Ech si fir Konventioune mat alle Länner. D'Slowene si mer esou sympathesch wéi iergendeng aner Natioun.

Ech wollt just hei de Rapport kritiséieren, well dee sech bezitt op d'éisträichescht-ungarescht Räich an op d'Zougehéiregkeet vu Slowenien zu Westeuropa, fir domadder, niewent senger ekonomescher Prospéritéit, déi natierlech Zougehéiregkeet ze begrënnen, déi dat Land zu Europa hätt, während gläichzäiteg awer Bosnier an Albaner hei aus dësem Land ausgewise ginn, well se net d'Chance hunn zu deem exklusive Club vun den EU-Kandidaten ze gehéieren. Ech wäert awer fir dës Konventioun stëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre aux Relations avec le Parlement en remplacement de M. le Ministre des Finances.*- Här President, dës Regierung ass frou, wa mer haut deen Accord gestëmmt kréien.

Dir wësst, dass, wann alles gutt geet, da kommen all déi nei Länner an zwee Joer an Europa eran, an do ass et wichteg, dass mer och bilateral déi néideg Instrumenter hunn, op deene verschiddensten Niveauen - déi leschte Kéier hate mer d'Sécurité sociale, elo hu mer d'Steieren -, fir och mat deene Länner kënne gutt Kontakter ze hunn.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Artikel unique vum Projet de loi 4911 a stëmmen doriwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet de loi 4911 sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint sinn, mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 55 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Nico Loes), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf (par M. Gusty Graas), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Georges Wohlfart (par M. Jean-Pierre Klein) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch (par M. Camille Gira), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

D'Wuert freet den Här Paul-Henri Meyers fir den Dépôt vun zwou Propositions de révision vun der Konstitutioun.

## 3. Dépôt de deux propositions de révision de la Constitution

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle huet mech autoriséiert, fir eng Proposition de révision vun der Verfassung ze déposéieren, déi den Artikel 57 betrëfft, dat ass d'Eedesformel vum Deputéierten.

Gläichzäiteg proposéiert d'Kommissioun awer och an enger anerer Proposition de révision den Artikel 63 ofzeänneren. Dat ass deen iwwert de Vote vun de Gesetzestexter, wou mer virgesinn, dass och an der Verfassung de Vote par procuration soll virgesi ginn. Merci.

*- Proposition de révision 5047 de l'article 63 de la Constitution*

*- Proposition de révision 5048 de l'article 57, paragraphe (2) de la Constitution*

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun deenen zwou Propositions de révision de la Constitution duerch den Här Paul-Henri Meyers. Déi zwou Propositioune gi weidergeleet un déi zoustänneg Kommissioun respektiv un de Statsrot.

Mir fueren da weider mat eisem Ordre du jour a kommen zur Diskussioun vun der Proposition de loi 5026 iwwert d'Reorganisatioun vum Kadasteramt.

Et sinn agedroen: déi Häre Bodry, Graas a Greisen. D'Wuert huet de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Norbert Haupert.

## 4. 5026 - Proposition de loi de M. Norbert Haupert modifiant la loi du 25 juillet 2002 portant réorganisation de l'administration du cadastre et de la topographie

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi Propositioun, déi hei virläit, soll näischt aneschtes duerstelle wéi en Oubli, deen eis am Text vum Gesetz iwwert d'Organisatioun vum Kadaster, dat mir am leschte Summer hei gestëmmt hunn, ënnerlaf ass, ze behiewen.

Wou koum déi Omissioun hier? Et ass esou, datt d'Regierung en Amendement zum alen Text vun der Organisatioun vum Kadaster proposéiert hat. De Statsrot huet awer virgeschloen, op Grond vun dene villen Ännerungen, fir ee komplett neit Gesetz ze machen, an huet och eng Proposition de texte u säin Avis ugehaang.

D'Kommissioun huet d'Propositioun vun der Regierung op Grond vum Regierungstext diskutéiert, huet awer herno an hirem Rapport den Text vum Statsrot einfach iwwerholl. An deem Text waren am Artikel 15 (1) zwee Tireten deelweis respektiv ganz vergiess ginn:

- Am Artikel 15 (1), Paragraph b), war den Tiret vun dem Chargé d'étude-informaticien ganz vergiess ginn.

- An dem Artikel 15 (1), Paragraph d) waren zwee Wierder vergiess ginn, an zwar am drëtten Tiret d'Wuert vum Inspecteur principal, an am véierten Tiret dat vum Inspecteur.

Dës Proposition de loi soll deen Oubli redresséieren. D'Kommissioun huet den Avis vum Statsrot, dee positiv zu dëser Propositioun ass, diskutéiert a schléit Iech vir, dës Proposition de loi ze stëmmen. Ech brëngen heimat och den Accord vun eiser Fraktioun. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen.

***Discussion générale***

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, mir si selbstverständlech mat dëser Proposition de loi d'accord, déi eng Partie materiell Erreuren an dem Gesetz iwwert de Kadaster redresséiert. Mir félicitéieren de Rapporteur fir seng Proposition de loi a fir säi Rapport.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur merci, datt e sech deem klenge Redressement do ugeholl huet, a brénge selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun. Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Greisen.

M. Fernand Greisen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll all deene Leit merci soen, déi un dësem Gesetz an dem Rapport matgeschafft hunn an och gläich den Accord vu menger Fraktioun brëngen.

Erlaabt mir awer ee Wuert ze soen zu zwee Textausschnëtter, an zwar zu de Carrièren. Hei geet et ëm d'Carrière supérieure vum Ingénieur an ëm d'Carrière moyenne vum Ingénieur technicien. Am Text fanne mir den Titel vum Ingénieur industriel net erëm, datt ass en akademeschen Titel vun enger Fachhéichschoul, vum Fachhéichschoulingénieur. Mir wëssen, datt do nach en Ënnerscheed besteet zum Ingénieur vun enger klassescher Uni. Vu datt deen net do am Text besonnesch genannt gëtt, gi mir dovunner aus, datt esou wéi am Ausland selbstverständlech den Ingénieur industriel an d'Carrière supérieure kënnt. Mir hoffen dann och, datt duerch d'Assimiliatioun déi Blockéierung an déi Carrièreproblemer an dëser Verwaltung, grad esou wéi déi bei der Flughafeverwaltung dann och geléist sinn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den zoustännege Minister.

M. François Biltgen, *Ministre aux Relations avec le Parlement en remplacement de M. le Ministre des Finances.*- D'Regierung huet näischt Extraes dozou ze soen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Lecture vun den Artikele vun der Proposition de loi 5026 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte de la proposition de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwert déi virleiend Proposition de loi.

***Vote sur l'ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir d'Proposition de loi 5026 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Proposition de loi ass mat 56 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Nico Loes), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Alexandre Krieps) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Mars Di Bartolomeo), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), M. Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Da komme mir zur Diskussioun vum Projet de loi 4417, enger Konventioun iwwert den Accès international à la justice. Et si schonn agedroen: déi Häre Klein, Bettel, Henckes an d'Mme Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

## 5. 4427 - Projet de loi portant approbation de la Convention tendant à faciliter l'accès international à la justice, faite à La Haye, le 25 octobre 1980

***Rapport de la Commission juridique***

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 4427, deen der Chamber haut zum Vote virläit, ass am Kontext vun der ëmmer méi staarker Internationaliséierung vum sozialen a wirtschaftleche Liewen ze gesinn. Dëse Phenomeen gëtt begleet duerch eng steigend Unzuel vu Geriichtsprozesser, déi internationalen oder transnationale Charakter hunn. Et geet also drëm, fir d'Recht op den internationalen Accès zu de Geriichter ze garantéieren.

Den Haaptobjektiv vum Gesetzesprojet ass d'Approbatioun vun der Konventioun: „...tendant à faciliter l'accès international à la justice", déi de 25. Oktober 1980 zu Den Haag ënnerschriwwe ginn ass. Dës Konventioun ass vun der Den Haager Konferenz iwwert den Droit international privé ausgeschafft ginn. Déi Konferenz huet am Laf vun de Joren, vum 19. Jorhonnert un, eng ganz Rei vun internationale Konventiounen erschafft, déi en integrale Bestanddeel vun der heiteger Procédure civile sinn.

D'Konventioun iwwert den Accès international à la justice vun 1980 reforméiert a moderniséiert haaptsächlech d'Konventiounen, déi an de Joren 1905 an 1954 ënnerschriwwe gi sinn a schonn e puermol an der Tëschenzäit ofgeännert gi sinn. Ee vun den Haaptpunkte betrëfft d'Assistance judiciaire am Beräich vum Zivil- an Handelsrecht. Auslänner, déi an engem anere Land wëlle prozesséieren, kréien den Zougang vun der Assistance judiciaire wesentlech erliichtert. D'Konventioun couvréiert net nëmmen de Prozess u sech, mä och juristesch Berodung. Dobäi kënnt nach eng méi séier a méi bëlleg Iwwermëttlungsmethod vun den Demanden.

En zweete wichtegen Deel betrëfft d'Cautioun, déi verschidde Kategorië vu Persoune bis elo hannerleeë mussten, wa se an engem frieme Land eng Geriichtsprozedur wollte starten - op juristesch Lëtzebuergesch gesot heescht dat eng „cautio judicatum solvi". D'Innovatioun besteet an der Dispens vun esou enger „cautio judicatum solvi", déi souwisou als dubios par rapport zum Artikel 6 vun der europäescher Mënscherechtskonventioun ugesi muss ginn, an dat ënnert der Konditioun, datt den Demandeur en justice seng Residenz an engem Land huet, dat d'Konventioun ratifizéiert huet.

Ënnert därselwechter Réciprocitéitsbedingung gëtt d'Contrainte par corps - och nach eppes, wat dubios par rapport zu der europäescher Mënscherechtskonventioun ass, mä awer nach ëmmer virgesinn ass - am zivilen Handelsrecht ofgeschaaft.

Här President, d'Avise vum Statsrot an d'Aarbechte vun der Commission juridique - mir haten am ganze siwe Sëtzungen iwwert dës Konventioun - betreffen haaptsächlech zwee Punkten. Den éischte Punkt betrëfft d'Reserven, déi Lëtzebuerg zu der Konventioun gemaach huet. Hei ass et besonnesch ëm Redaktioun vun der Residenzbedingung gaang.

Den zweete Punkt betrëfft d'Bezeechnung vun den nationalen Autoritéiten, déi d'Kompetenzen am Beräich vun der Konventioun hunn. Déi éischt Autoritéit ass de Justizminister, deem zwou Fonctiounen zoukommen: Éischtens ass de Justizminister d'Autorité centrale am Sënn vum Artikel 3 vun der Konventioun, dat heescht, hien ass zoustänneg fir d'Demandë vun der Assistance judiciaire ze emfänken, zweetens assuméiert de Justizminister d'Fonctioun vun der Autorité expéditrice, dat heescht, hie leet d'Demanden an d'Ausland weider.

Déi zweet Autoritéit ass de Procureur général d'Etat, hien ass d'Autorité centrale am Sënn vum Artikel 16 (2). Dës Dispositioun gehéiert zum Kapitel iwwert d'"cautio judicatum solvi" an d'Exequatur vun de Prozesskäschten, dat heescht d'Condamnation aux frais et dépens. Duerzou kënnt de Procureur d'Etat aus dem Bezierk, wou den Défendeur säi Wunnsëtz huet, dee Prozeduren, déi op Exequatur vun der Condamnation aux frais et dépens auslafen, start an de Suivi vun deene Prozedure mécht.

Schlussendlech wëll ech nach eng Kéier ervirhiewen, datt d'Konventioun dozou bäidréit, fir den internationalen Zougang zu de Geriichter ze vereinfachen. Si ass domadder e wichtegen Deel vun eisem Rechtsstat. Den Accord vun der CSV-Fraktioun ass natierlech selbstverständlech. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Här President, ech soen dem Här Rapporteur merci fir säi perfekte Bericht. Eis Fraktioun wäert dëse Projet stëmmen.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech soen natierlech och dem Patrick Santer villmools merci fir säi Rapport, esou wéi dat sech gehéiert. Vu datt mir

näischt ze beanstanden hunn, wäerte mir och dee Projet de loi do stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, mir sinn och mat deem Rapport d'accord, deen den Här Patrick Santer gemaach huet. En ass ganz detailléiert gewiescht. Mir sinn och mat der Konventioun d'accord, well et ass wichteg, datt op deem Gebitt eppes geschitt.

M. le Président.- D'Mme Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, mir kënnen dee Projet de loi stëmmen.

M. le Président.- Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, ech stelle fest, dass mir et hei mat enger Konventioun ze dinn hunn, déi vun 1980 datéiert. Dat heescht, déi verschidde Regierungen hunn 22 Joer gebraucht, fir se ze transcrivéieren.

Bei aner Konventiounen ass et vill méi séier gaangen. Ech erënnere just un déi Terrorismuskonventioun, déi am Juni zu Bréissel ugeholl ginn ass a wou de Projet de loi, fir se ëmzesetzen, scho virun deem Datum hei vum Minister Frieden déposéiert ginn ass.

Ech sinn net mat deene Reserven, déi gemaach gi sinn d'accord - obschonn ech d'Konventioun stëmme wäert -, wou zum Beispill d'Ressortissante vun anere Länner als Bénéficiaire vun dëser Konventioun abezu ginn, mä net awer d'Résidante vun anere Länner, déi net Ressortissante sinn. Ech fannen, dat ass ee schlechte Prinzip an ech si fir eng Citoyenneté de résidence, déi net grondsätzlech op der Nationalitéit berout.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre aux Relations avec le Parlement en remplacement de M. le Ministre de la Justice.*- Här President, Äre Rapporteur war sou komplett ewéi ëmmer, an ech mengen, dass deen heite Projet, deen iwwregens net eréischt an der leschter Zäit deponéiert gouf, mä schonn eng Zäitchen deponéiert ass, och wann e vläicht, wéi den Här Urbany seet, ze spéit kënnt, besser elo do ass wéi ni. Dofir wär ech frou, wann en haut géif gestëmmt ginn.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen iwwert de Projet de loi 4427 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also iwwert dee virleiende Projet of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, déi aner enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 58 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Ady Jung), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Marco Schroell), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminge (par Mme Simone Beissel)r, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Jeannot Belling) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Lucien Lux), Mmse Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Question avec débat 26 vum Här Jean Colombera iwwert déi biomedezinesch Aspekter am Schoulwiesen. Et handelt sech heibäi ëm eng Interpellatioun, déi laut Artikel 83 vum Chamberreglement an eng Question avec débat ëmgewandelt gouf.

D'Wuert huet elo den Här Jean Colombera.

## 6. Question avec débat No 26 de M. Jean Colombera relative à l'aspect biomédical à l'école

M. Jean Colombera *(ADR).*- Merci Här President. Ech wéilt gär am Virfeld eng Remarque maachen: Ech wéilt mech jo un déi virgeschriwwen Zäit halen, mä leider ass meng Interpellatioun refuséiert ginn. Ech hat am Virfeld versicht fir a sechs Méint Aarbecht, en 200 Säiten-Dokument opzestellen; et ass leider refuséiert ginn. Ech mengen, déi elementaarst Héiflechkeet hätt awer verlaangt, dass den Här Weiler an den Här Rippinger, déi d'Promoteure vun dësem Verworf sinn, mir vläicht erklläert hätten, firwat dass se dës Interpellatioun refuséiert hunn.

***(Interruption)***

Well éischtens, ass den Här Weiler, an zweetens, ass och den Här Rippinger, net Member vun der Santéskommissioun, net Member vun der Educatiounskommissioun, also si se am Prinzip net habilitéiert, fir ze wëssen ëm wat et hei geet.

An dann, Här President, géif ech lech gären un d'Häerz leeën, fir den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement nei ze iwwerkucken, well ech mengen et géif der Chamber gutt zu Gesiicht stoen, wann déi parlamentaresch Aarbecht vun den Deputéierten, déi schaffe wëllen, géif respektéiert an honoréiert ginn.

***(Brouhaha général)***

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- An der Conférence des Présidents!

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här President, gëschter huet den Här Urbany hei geklot, dass e keng Zäit hätt, fir ze schwätzen. Et war awer e ganz wichtege Projet. Ech constatéieren, dass mir mar de Mëtte keng Chamber hunn, obscho Chamber virgesi war. Déi nächst Woch den Dënschden, de Mëttwoch an den Donneschden ass keng Chamber, obwuel Chamber virgesi war. Ech mengen, bei esou engem wichtege Projet hätte mir dat kéinte locker iwwert d'Bühn kréien.

Une voix.- Très bien!

M. Jean Colombera *(ADR).*- Zum Fong: Wat muss an der Schoul um biomedezinesche Plang ënnerholl ginn, fir besser Resultater, sief et um individuellen, sief et um kollektive Plang - Stéchwuert PISA - ze kréien? An all Spart muss een e gewëssenen Training oder Exercicer absolvéieren, och eng gutt medezinesch Betreiung hunn, fir optimal Resultater ze kréien.

Hei e puer Donnéeën aus dem Schoulwiesen: Mir hunn 1.508 Kanner, déi am Primaire redoubléieren, 86 Kanner déi an enger Classe d'attente sinn, 223 Kanner an enger Classe d'accueil, 76 Kanner an enger Classe spéciale, 344 Kanner am Préparatoire, 900 Kanner mat Besoins éducatifs spéciaux. Dat gëtt am Ganzen 3.137 Kanner, dat heescht 10,15%, déi Schwieregkeeten an der Schoul hunn, ouni vun deene 700 Kanner ze schwätzen, déi a bestëmmten Instituter fir Handicapéierter sinn.

Mir hunn eng ëmmer méi grouss d'Zuel vu Kanner, déi mat spezifesche Krankheete kloen: Hautproblemer, Ouereproblemer, Réckeproblemer, Iwwergewiicht. Ënnergewiicht bei sozial schwaache Kanner, psychesch Stéierungen, Medikamenter- an Drogekonsum. Mir hunn autistesch Kanner, Kanner mat Lies- a Recheschwieregkeeten a Kanner, déi Konzentratiounsproblemer hunn. Mir hunn also Kanner, Schoulpersonal an Elteren, déi ënnert onméiglechem Stress leiden.

Mir hunn och ee Gesetz vum 2. Dezember 1987 iwwert d'Schoulmedezin mat gudden Usätz, wéi preventiv medezinesch Mesuren, d'Promotioun vun der Gesondheet, d'Wuelbefanne vun de Schüler, den Dépistage vu Krankheeten an Defiziter, Gesondheetsbilanen an de Suivi vum Schüler.

Mir hunn doniewent ee Règlement grand-ducal vum 21. Dezember 1990, deen den Inhalt an de Rhythmus vun der medezinescher Ënnersichung festhält, an dee verschidde Schwaachpunkten huet. A mir hu schliesslech, déi alldeeglech Praxis, déi total vum ursprüngleche Gesetzesgeescht divergéiert.

Am Telegrammstil: D'Primärschoulkanner ginn e puermol vum Dokter ënnersicht. Dat heescht am éischten, am drëtten, am fënneften a sechste Schouljoer. Am Classique ginn d'Kanner am zweeten, am véierten an am sechste Joer ënnersicht. Am Technique am éischten, am drëtten an am fënnefte Schouljoer.

Déi éischt Remarque: Eng Ënnersichung all zwee Joer geet net duer.

Fir an der Primärschoul ze bleiwen: Am éischten an am sechste Schouljoer gëtt ee Gesondheetsbilan gemaach. Wann een dat richteg, wéi et de Règlement grand-ducal virgesäit, duerchzitt, da misst een e klineschen, ee psycheschen, e schouleschen an ee perséinleche Bilan mat Rotschléi fir eng gutt Gesondheetserzéiung virgesinn. D'Dauer vun dësem Bilan, wann e gutt gemaach gëtt, ass 45 Minutten. An der Praxis huet den Dokter zwou Stonnen Zäit zur Verfügung fir 20 Schüler, dat heescht sechs Minutte pro Kapp.

Zweetens: Firwat gëtt esou ee wichtege Bilan nëmmen am éischten an am sechste Schouljoer gemaach? Well bekanntlech ginn Dyslexie an Dyscalculie am zweeten oder am drëtte Schouljoer entdeckt.

Drëttens: Wat versteet ee Kand am éischte Schouljoer vu preventive Moossnamen? Hei misst, menger Usiicht no, een Elterendeel, een Tuteur, e Papp oder eng Mamm, also eng Autorité parentale, mat an der Consultatioun derbäi sinn.

Véiertens: Wat geschitt mat deene Kanner déi, wann den Dokter an d'Schoul kënnt, absent sinn? Eng Statistik: 5,24% vun de Kanner waren d'lescht Joer ofwiesend. Wann déi zum Beispill Problemer mat den Aen hunn a si sinn net do, da gi se net méi ënnersicht. Wann déi an der leschter Bänk sëtzen, da kann do un der Tafel egal wat stoen, da gesinn si et net a si kréie Schwieregkeeten.

Fënneftens: Et ass kee Suivi do. Ech hunn de Moien nach een Avis gelies, wou ee Kand de 27. Abrëll een Ziedel vun der Direktioun vun der Santé kritt huet, wou do gesot gouf, dass d'Kand Problemer mat den Aen huet. Bis elo ass do näischt geschitt. D'Eltere sinn net bei en Dokter gaangen an dat Kand gëtt eréischt d'nächst Joer, am Abrëll, nach eng Kéier gekuckt. Bis dohinner ass ee Joer vergaangen, d'Kand gesäit nach weider näischt an der Schoul huet et da Schwieregkeeten.

***(Interruption)***

Ee Wuert zum SREA, de Service de Rééducation ambulatoire. D'Praxis an der Schoul gesäit esou aus: De Schoulmeeschter gesäit e Kand a gesäit, dass do een Defizit ass. E geet bei d'Eltere a seet: Äert Kand huet Schwieregkeeten. D'Eltere wëssen net, wat se maachen sollen. Solle se bei de Service de guidance goen, jo oder neen? Op emol gi se dann dohinner. Do gëtt dann eng Commission médico-psycho-pédagogique mam Problem befaasst. Déi mécht eng Enquête, an da gëtt gesot, d'Kand kritt eng, zwou oder dräi Stonne beim SREA. Mä dat dauert véier, fënnef oder sechs Méint, Madame Minister, an eng kostbar Zäit ass verluer.

2.377 Stonne pro Woch gi vum SREA dispenséiert. Dat si 2,6 Stonne pro Woch fir e Kand. Dëst Joer eleng sinn a menger Gemeng zu Viichten dräi Kanner vum SREA verworf gi mat der Argumentatioun, se hätte keng Leit.

Meng Froen un d'Mme Minister:

Ass d'Regierung bereet, fir méi an d'Schoulmedezinswiesen ze investéieren, fir d'Krankheeten an déi spezifesch Problemer, déi sech an der Schoul breet gemaach hunn, Dyslexie an Dyscalculie zum Beispill, besser an de Gréff ze kréien an esou besser Resultater unzepeilen?

Firwat gëtt an engem Lycée zum Beispill net den Urintest gemaach, wou no Droge gekuckt gëtt? Kanner, déi Drogen huelen, dat ass jo awer ee Problem, dee mir an der Schoul hunn.

Wat hält d'Mme Minister vun der Iddi, fir d'Schoulpersonal regelméisseg vum Schoulmedeziner ënnersichen ze loossen? Wann de Schoulmeeschter an de Professer, well déi hunn och Problemer, déi sinn och am Stress, net um Dill sinn, da kënne se de Kanner näischt bäibréngen.

***(Interruption)***

Drëttens, wat geschitt mam SREA, Mme Minister? Gëtt dee verbessert oder gëtt deen ofgeschaaft? Kënnt eng aner Struktur amplaz? Wéi ass et mat der Coopératioun tëschent dem Service de guidance an dem SREA? Firwat gëtt d'Kand net direkt vum Schoulmeeschter bei de SREA geschéckt? Oder vum Schouldokter bei de SREA? Wéi ass et do mam Statut vun deene Leit, déi beim SREA schaffen. Gëtt et Spannungen tëschent dem Service de guidance an dem Service vum SREA?

An déi lescht Fro: Wat de Stress hei ugeet, dee gëtt ëmmer méi grouss, kritt ëmmer méi iwwerhand. Do musse Programmer duerchgeféiert ginn. Et besteet e bestëmmte Programm an der Schoul, mä mir konstatéieren, dass ëmmer méi paraschoulesch Aktivitéite gemaach ginn. Zum Beispill, d'Kanner maache Viz, si gi bei d'Pompjéeën oder si ginn an de Musée. Am Ufank vum Joer si scho verschidde Kanner vum technesche Lycée a Polen oder an d'Normandie gefuer.

Ech froe mech, wéini gëtt de Programm da weidergefouert? Huet d'Regierung schonn iwwer eng Kierzung vun de Vakanzen nogeduecht? Huet d'Regierung schonn nogeduecht, fir Schrëtt ze ënnerhuelen, fir d'Schoulzäit bis zum leschten Dag fortzeféieren. Soll d'Vakanz, wéi gesot, reduzéiert ginn? Wat huet d'Regierung an dësem Punkt vir, fir de Stress ze reduzéieren a fir esou de Kanner, den Elteren an och de Schoulmeeschteren an dem Schoulpersonal am grousse Ganzen, ze erlaben, fir manner am Stress ze schaffen?

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Unterrechtsminister Anne Brasseur.

***(Brouhaha général et coups de le cloche de la Présidence)***

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Här President, ech wëll mech net an d'Aarbechte vun der Chamber amëschen. Dat ass eng Prérogative vun der Chamber.

Ech krut vum Här Colombera eng Question avec débat gestallt, wou e freet, fir mer iwwert d'biomedezinesch Aspekter am Schoulwiesen verschidde Froe kënnen ze stellen.

Dozou awer eng éischt Constatatioun. Wat si biomedezinesch Aspekter? Ech mengen, et kann een d'Schoulwiesen net dorop reduzéieren, well d'Schoulwiese sinn och sozial Aspekter, ekonomesch Aspekter. Am Schoulwiesen geet ët drëm fir d'Kand am Ganzen do ofzehuele wou et steet. Dat geet wierklech iwwer dat Biomedezinescht eraus.

Ech wëll eng zweet Constatatioun maachen, Här President. Den Här Colombera schwätzt vu Krankheeten, vun Drogentester, déi bei Jugendleche misste virgeholl ginn an e schwätzt och vun Dyslexie oder Dyscalculie. Dyslexie an Dyscalculie si kee biomedezinesche Phenomeen, déi sinn eendeiteg net an d'Serie vun de Krankheeten anzereien. Et kann een dat bestëmmt net an engem Otemzuch zesumme mat Problemer vun Drogen nennen.

Ech probéieren op e puer Aspekter vun deem anzegoen, wat den Här Colombera gesot huet. Fir d'éischt stellt e Froen iwwert den allgemenge Gesondheetszoustand vun de Kanner a freet sech, ob dee gutt ass. E seet de Gesondheetszoustand vun de Kanner géing ëmmer méi schlecht ginn.

Et gëtt eng Étüd vun 1999, déi ausgewäert ginn ass, an déi am Kader vun der Welt-Healthorganisatioun gemaach ginn ass. Hei zu Lëtzebuerg ass déi bei 7.397 Elèven duerchgezu ginn an do hunn 93,1% vun deene Jonke gesot, si géinge fannen, si wieren an engem gudde Gesondheetszoustand; well bei der Gesondheet gëtt et en objektiven Tatbestand an e subjektiven Tatbestand. Dee subjektive weist op jidder Fall dorophin, dass 93,1% fannen, dass se sech wuel an hirer Haut, wat d'Gesondheet ubelaangt, spieren. An dat war e groussen Echantillon vu Kanner.

Wat aner Problemer ubelaangt, wéi beispillsweis de Réck, do wëll ech soen, dass d'Kanner regelméisseg gekuckt ginn, a wann eng Anomalie konstatéiert gëtt, da kréien d'Elteren en Ziedel. A wa se deen net zréckschécken, da gi se nach eng Kéier telefonesch kontaktéiert,

fir dass e Suivi gemaach gëtt. Och d'Elteren hunn eng Responsabilitéit. D'Eltere musse mat hire Kanner bei de Privatdokter goen. Et ass net un der Allgemengheet, fir dann och nach de Suivi an der Consultatioun ze maachen. D'Schoul, zesumme mat der Schoulmedezin, kuckt awer, dass dee Suivi gemaach gëtt. Et si 5,7% vun den Elèven, déi am Schouljoer 2001/2002 eng Scoliose haten.

Wat d'Aen an d'Oueren ubelaangt, sou ginn d'Ae bei alle Spillschoulskanner systematesch kontrolléiert. Dat waren am Schouljoer 2000 9.962 Kanner, wou d'Ae kontrolléiert gi sinn. An et waren 958 Kanner, wou e Problem opgetaucht ass. An déi Kanner, déi ginn da bei hiren Dokter geschéckt, an do ass net méi d'Allgemengmedezin déi spillt, mä de Spezialist vun der Famill, Famill, déi dann, am libre choix vum Dokter, kënnen dohinner goen, wa se wëllen. Duerno gëtt an der Primärschoul nach gekuckt, ob d'Kanner gutt gesinn. Dat och am Enseignement secondaire.

Wat d'Oueren ubelaangt, do gëtt, bei alle Kanner vu 5 Joer, en Test gemaach. Dat waren am Joer 2001 5.831 Kanner. Do sinn der 59 surveilléiert ginn an 452 sinn der un hire Médecin traitant weidergereecht ginn.

Wat d'Obésitéit ubelaangt, sou ass dat sécherlech e Problem, dee sech stellt. Dofir ass emol bei 12.810 Elèven eng Etüd gemaach ginn, fir ze kucken, wou se sech, wat den Indice de masse corporelle ubelaangt, géife situéieren. A vun deenen ass erauskomm, dass 21,1% vun de Meedercher zevill déck sinn, entweder eng Surcharge pondérale hunn oder eng Obésitéit, an 23,9% vun de Jongen. Do leie mer statistesch gesi liicht ënner internationalen Normen, mä och dat ass zevill. Wat geschitt dann? Da gëtt mat den Eltere geschwat an et gëtt gesot, et misst effektiv en Traitement virgeholl ginn.

Wat dann aner Problemer ubelaangt, zum Beispill am Kader vun der Motricitéit, do ass eng Etüd an der Preparatioun, fir den Zoustand vun der Motricitéit vun de Kanner ze kucken.

Dann d'Dyslexie. Do wëll ech dem Här Colombera soen, dass mer am Kader vun der Formation continue d'lescht Joer, genee wéi dëst Joer, en enormt Gewiicht drop leeën, fir d'Enseignanten drop opmierksam ze maachen, dass do e Problem ass. Sou hate mer d'lescht Joer e Colloque, zesumme mat der Universitéit vu Sherbroocke aus dem Kanada, just iwwert d'Dyslexie, an dëst Joer gëtt dat virugefouert. Weider huet d'Education nationale e Kontrakt mam LOS, engersäits zu Diddeleng, anerersäits zu Ettelbréck, wou excellent Aarbecht gemaach gëtt.

Mir hunn e Colloque an der Formation continue: „Difficultés d'apprendre, difficultés d'enseigner", wou et ëm Kanner geet, déi Schoulschwieregkeeten hunn. Dat gëtt och dëst Joer virugefouert.

Wat den ADS-Syndrom, „Attention deficit syndrom" mat oder ouni Hyperaktivitéit, ubelaangt, do ass eng Konventioun vum Educatiounsministère mam SCAP, Service de Consultation de l'Aide Psychomotrice. Do ware Mëtt den 90er Joren 24.000 Euro zur Verfügung gestallt ginn. Dat sinn elo 184.000 Euro. Et gesäit een also, wéi och do den Effort ass. Dem Léierpersonal an den Eltere gëtt en CD-Rom zur Verfügung gestallt, fir dass se och gesinn, wat d'Problematik vum ADS ass, well dat ass esouguer fir e Spezialist net einfach ze détectéieren.

Wat de Stress ubelaangt, wat och vum Här Colombera ervirgestrach ginn ass, steet an därselwechter Etüd iwwert „Das Wohlbefinden der Jugendlichen in Luxemburg", dass 64% vun deene Jonke gären an d'Schoul ginn, 59,9% soen, si wären net, oder wéineg, gestresst duerch d'Schoul, an 71,8% vun deene Jonke fannen, dass d'Schoul net zevill vun hinne verlaangt. Dat sinn awer héich Pourcentagen.

Dann de Stress an d'Capacité d'apprentissage. Selbstverständlech, wann een net gestresst ass, kann een eventuell vill léieren, mä eng Absence vu positivem Stress féiert och dozou, dass een éischter d'Tendenz huet manner ze maache wéi méi, wat jo bestëmmt och net gutt ass.

Dir proposéiert, et soll een alles an der Schoul méi zesummeleeën. Selbstverständlech hu mer ganz vill Coursen, wéi beispillsweis den Eveil aux sciences, de Reliounscours oder d'Education morale et sociale, wou eng ganz Partie Problemer ugeschnidde ginn. An dem Schoulsport hu mer, zum Beispill duerch de Schoulsportdag, en aneren Akzent gesat, an och mat méi Formation continue fir déi Leit am Primaire, fir och do d'Wichtegkeet vum Schoulsport méi ze ënnersträichen.

Mir hunn eng ganz Partie vu Formation continue fir de Personnel enseignant, wou ech ganz gären dem Här Colombera d'Dokumentatioun matginn. Wat de SREA ubelaangt, de Service de rééducation ambulatoire, do hat den Här Colombera eng Question parlementaire gestallt, wou e fonnt huet, dass do net genuch géing an de Schoule geschéien.

Elo ass et awer esou, dass e Kand, wat Schwieregkeeten huet, a wou dat bemierkt gëtt vum Schoulmeeschter, eventuell vum Inspekter ugekuckt gëtt, da muss dat Kand awer vu Spezialiste gekuckt ginn, ier gesot gëtt, wat mat him geschitt. Et huet keen Zweck an der Logique distributive ze sinn a jiddferengem, zur Berouegung vun den Elteren, hei eng Stonn oder do eng Stonn bäizesetzen. Dat ass einfach Gepléischters. Ech wëll lech soen, dass - ech hat dat schonn an der Question parlementaire ervirgehuewen - déi finanziell Moyenen, déi zum Beispill an de SREA gestach ginn, enorm an d'Luucht gaange sinn am Laf vun deene leschte Joren.

Et denkt kee Mënsch drun déi Offer ofzeschafen, mä mir wëllen ons Servicer am Kader vun den Arrondissementer vun den Inspekteren anescht regruppéieren, wat mer och amgaange sinn ze maachen. Mir hunn am Summer hei e Gesetz gestëmmt iwwert d'Organisatioun vum Inspektorat. An deem Kader regroupéiere mer all déi Servicer, déi mat der Schoul zesummenhänken. De SREA gehéiert och dozou mat all sengen Aktiounen.

Dat sinn déi Punkten, Här President, op déi ech wollt äntwerten an deenen zéng Minutten, déi mer duerfir zur Verfügung stongen. Ech mengen, ech hätt prezis drop geäntwert. Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Här Colombera, Dir hutt d'Wuert nach eng Kéier.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Merci, Madame Minister fir dës Aussoen. Mä gesidd Der, wann elo eng Interpellatioun hei hätt kënne sinn, dann hätt ech nach 60 Froen ze stelle gehat.

Alles, wat Dir sot, ass richteg, awer nëmmen zum Deel.

***(Interruption)***

Här Rippinger, et deet mer Leed, mä sidd wann ech glift roueg.

***(Interruptions diverses)***

Här President, d'Madame Minister huet, wéi gesot, hei ausféierlech iwwer verschidde Froe geschwat, wuel net iwwert ze all. Ech wéilt lech dat heite gären zitéieren.

Dir kennt jo d'Aarbechtsmedezin a wéi et an den Entreprisen ass, wann en Aarbechter ze vill Stress huet, nervös ass oder wann hie Problemer huet, da geet hie bei den Aarbechtsmedeziner. Meng Iddi war déi heiten, fir d'Schoulmedezin nach besser a méi effikass ze maachen, well wann e Kand net schléift oder Problemer huet an der Schoul, wann et ëmmer 30 kritt oder 35, an et weess kee firwat, da wär et vläicht méiglech, wann de Service médical excellent géing fonctionnéieren, dass dat Kand bei de Schouldoktor géif goen, fir mat deem seng Problemer ze diskutéieren, déi et doheem oder an der Schoul huet. Ass de Schoulmeeschter gutt? Ass de Schoulmeeschter net nervös? Wéi behandelt de Schoulmeeschter d'Kanner an esou weider? Dat war d'Iddi, déi ech hat.

Zweetens, wat de SREA ubelaangt: Dir wësst jo ganz genau, dass Kannerproblemer ëmmer méi heefeg ginn. Dir hutt selwer an der Äntwert op d'Question parlementaire gesot, dass et d'virlescht Joer 700 Kanner waren an dëst Joer ëm déi 900. Also ginn ech dovunner aus, dass déi Kannerproblemer ëmmer méi frequent ginn. Do musse mer awer Personal hunn, fir déi Kanner ze ënnerstëtzen.

Ech hunn lech gesot, dass a menger klenger Gemeng zu Viichten, dräi Kanner, déi Problemer haten, dëst Joer net méi betreit ginn. Do läit jo dee ganze Problem. Mir verléieren déi ganz Saach aus den An. Wann hei an der Stad Lëtzebuerg een Dokter fir 5.000 Kanner zoustänneg ass, da wësst Der, Madame Minister, dass dat net duergeet!

Wa mir et fäerdeg kréien, fir an der Aarbechtsmedezin een Dokter pro Service oder pro Entreprise ze hunn, da misste mer awer vläicht an der Schoul och versichen, fir méi Investissementer dran ze kréien, fir déi medizinesch Aspekter méi genau kënnen ze behandelen an deementspriechend vläicht nach besser Resultater ze kréien. Dat war de Geescht vun der ugefroter Interpellatioun.

Ech mengen, Dir hutt verstan, wat ech wëll. Gitt wann ech glift op dee Wee! Dir braucht mer elo net hei eng Äntwert ze ginn. Gitt op dee Wee, dass Dir déi Saach e bësse méi vun no kuckt, an de Budget vläicht e bësse méi héich maacht. Merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech mengen, déi Fro wier domadder ofgeschloss a mir kéimen zum nächste Punkt vum Ordre du jour, d'Diskussioun vum Projet de loi 4912 iwwert den Accord INTELSAT. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madame Delvaux, d'Madame Beissel an den Här Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

7. 4912 - Projet de loi

- portant approbation des Amendements à l'Accord relatif à l'Organisation Internationale de Télécommunications par Satellites «INTELSAT», adoptés par la vingt-cinquième Assemblée des Parties d'INTELSAT à Washington, D.C., le 17 novembre 2000;

- portant approbation de l'Amendement à l'article 23 de l'Accord d'exploitation relatif à l'Organisation Internationale de Télécommunications par Satellites «INTELSAT», adopté par la trente et unième Réunion des Signataires d'INTELSAT à Washington, D.C., le 10 novembre 2000;

- portant abrogation de la loi du 15 juin 1994 portant approbation du Protocole relatif aux privilèges, exemptions et immunités de l'Organisation Internationale de Télécommunications par Satellites (INTELSAT), fait à Washington, le 19 mai 1978

***Rapport de la Commission des Media et des Communications***

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, am Projet de loi 4912 geet et drëm, fir eng Konventioun ëmzesetzen, eng Konventioun, wou mer neng Méint gebraucht hunn, well si ass de 5. Februar 2002 déposéiert ginn an de 4. November ass de Rapport adoptéiert ginn. Haut soll an der Chamber de Vote kommen.

Wann een INTELSAT seet, da muss ee bis an déi 60er Joren zrékkgoen, well déi éischt Accorde si vum 20. August 1964. Dës hunn e provisoresche Regime fir INTELSAT duergestallt. Dat Ganzt ass zréckzeféieren op eng Ënnerschréft vum President Kennedy am Joer 1962, wou en dee sou genannte Communications Satellite Act ënnerschriwwen huet. Deemools war INTELSAT en internationale Konsortium, deen nëmme konnt handelen iwwer ee vu senge Memberen de CONSAT. Den Accord iwwert d'Gesellschaft INTELSAT an den Accord d'exploitation iwwer INTELSAT sinn zu Washington den 21. Mee 1971 ënnerschriwwe ginn, a säit dem 20. August 1971 leien dës Accorden nach op fir Ënnerschréften.

D'Organisation intergouvernementale, déi Organisatioun zwëschent deenen eenzelne Regierungen, déi doduerch kreéiert ginn ass, huet hir eege Personnalité juridique. Den Haaptobjektiv vun INTELSAT ass d'Exploitatioun vum Weltraumsecteur am Beräich vun de Satelliten. D'Buedemstatioune sinn ausgeschloss. Am Fong geholl gëtt an dësem Beräich, am Weltraumsecteur, eng Mise à disposition gemaach vum öffentleche Secteur un déi eenzel national Telekommunikatiounen. Fir déi Décisiounen awer rechtskräfteg ze maachen, muss eng Zweedréttelmajoritéit bei der Versammlung vun de Parteie fonnt ginn. Déi Servicer geschéien am Beräich vun der Radionavigatioun, dat sinn also d'Fligeren, am Beräich vun der Weltraumforschung, am Beräich vun der Meteorologie, och vun der Détectioun iwwer Satelliten vun de Ressourcen op eiser Äerd, am Radio- an Televisiounswiesen an der Diffusioun.

Iwwert d'Gesetz vum 17. Dezember 1972 huet Lëtzebuerg dës Gesetzer ratifiéiert. Iwwert d'Gesetz vum 15. Juni 1994 huet Lëtzebuerg de Protokoll iwwert d'Privilegien, d'Exemptiounen an d'Immunitéiten ofgeweckelt. Och iwwert déi zwee Gesetzer vum 10. Abrëll 1997 huet Lëtzebuerg nach amendéiert Amendemente virgeholl aus de Joren 1994, 1995 an 1996. An den 90er Joren ass eng Ännerung koum, well déi amerikanesch Politik wollt am Fong geholl INTELSAT op deeselwechten Niveau bréngen, wéi aner Privatcompagnien. An Europa ass datselwecht geschitt. Do huet och d'Commission européenne gemengt et misst een Neel mat Käpp maachen. Dat Ganzt fanne mer dann herno erëm am EUTELSAT, deen nächste Projet de loi, iwwert dee mer nach haut sollen ofstëmmen.

Am November 2000 huet déi 25. Versammlung vun de Parteie festgehalen, dass INTELSAT sollt eng Société kréien, eng Privatgesellschaft, déi dat Ganzt soll iwwerwaachen. D'Assemblée huet décidéiert, dass déi Organisatioun zwëschent de Regierunge sollt genannt ginn ITSO. ITSO heescht Organisation internationale de télécommunication par satellites.

Den Artikel 17, deen hei applizéiert gëtt iwwert den Accord vun der INTELSAT, ass vun der Assemblée approuvéiert ginn, an zwar unanime. Och den Accord d'exploitation ass op der 31. Réuniouun vun de Signatairen ënnerschriwwe ginn. Am Ganze sinn 200 Aktionären aus 145 Länner an dësem Package - wann ech dat däerf esou soen - an eis P&T, eis Post, ass en ancien Signataire. Dat si se en vertu vum Artikel 4, Paragraph 2 vum Gesetz vum 10. August 1992.

An der neier Gesellschaft ass eng Participatioun vun 0,05%. Dës Flott entsprécht 21 Satelliten, déi 24 Stonnen op 24 iwwert d'ganz Welt kënnen Noriichten an Informatioune verbreeden. Et sollen nach siwen nei Satelliten an deenen nächsten zwee Joer dobäikommen.

D'Kontrollorgan ITSO bleift eng Organisatioun zwëschent de Regierungen, eng klassesch Organisatioun, mat der Versammlung vun de Parteien op der enger Säit, an op der anerer Säit der Exekutiv mat engem Direkter, déi sech muss virun dëser Versammlung verantwerten.

De Statsrot stellt fest, dass wann een den Artikel 15 hélt an do en Amendement kéint geschéien iwwert den Accord, da misst dat geschéie mat enger Zweedréttelmajoritéit vun de Parteien, déi bei der Versammlung derbäi sinn. Dësen Amendement misst dann notifiéiert, ratifiéiert an och ugeholl ginn. De Lëtzebuerger Stat kéint duerfir forcéiert ginn eventuell géint säi Wëlle bei engem Accord oder enger Modifikatioun matzemaachen. Dat géif natierlech Froen opwerfen am Kader vum Artikel 37 vun der Constitutioun. Am Fong geholl ass et awer esou ass, dass haut scho bis dato alleguerten déi Amendementer gemaach gi sinn iwwert déi national Gesetzgebung, esou dass een dovu muss ausgoen, dass déi Aart a Weis, wéi mer virgaange sinn, kee Verzicht wär op d'Prerogative vun der Verfassung.

Déi eenzeg Problemer, déi mer kéinte kréie bei engem negative Vote, wann eng Proposition d'amendement do wier, déi negativ géif aviséiert gi vun eis a mer missten se awer adoptéieren, da gëtt et zwou Méiglechkeeten, entweder mer huelen se un iwwert d'Verfassungsregelen oder awer mer ginn aus der ITSO eraus, wa mer fannen, dass déi Divergenze net ënnert een Hutt ze brénge wären.

Trotzdeem géing ech lech bieden, well mir haten en unanime Vote an der Kommissioun, hei och een unanime Vote ze maachen. Ech bréngen an engems den Accord vun der CSV. Merci.

M. le Président.- Als éischt Diskussionsriednerin ass d'Madame Mady Delvaux agedroen. D'Madame Delvaux huet d'Wuert.

***Discussion générale***

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP).*- Här President, ech wollt den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu där Konventioun bréngen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Madame Simone Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Här President, ech bréngen och den Accord vu menger Fraktioun. Déi zwee Projeten, déi mer elo noënee kucken, hunn alleguerten eng Komponent, déi ee kann ënnert dräi Wierder resüméieren,

duerfir soen ech dat och scho fir deen nächste Projet: Et ass u sech d'Modernisatioun, d'Kompetitivitéit, mä ënner seriöser Kontroll.

Et ass fir Lëtzebuerg extrem wichteg, dass mer dat matmaachen, duerfir wäert d'DP dëse Projet voll ënnerstëtzen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Dir Dammen an Dir Hären, Dir wäert jo elo net erwaarden, datt ech soen, ech wär d'accord mat dësem Projet.

***(Brouhaha général)***

Esou wéi ech mech ëmmer hei verwiere géint d'Privatisëierungen, déi um nationale Plang geschéien, sinn ech selbstverständlech och géint d'Privatisëierungen um internationalem Plang, ëmsou méi well et sech jo hei ëm Froe vun enger entscheedender Wichtegkeet an enger ganz grousser, planetarer Dimensioun handelt.

Et geet hei ëm näischt aneschters, wéi ëm de fräien Zougang zu der Kultur an zu der Informatioun. Och wat d'Inhalter vun der Kultur a vun der Informatioun ugeet, gëtt et jo eng ganz grouss Privatisëierungswell. Déi gréisst transnational Gruppe sinn op deem Terrain täteg. Ech sinn e groussen Unhänger vun der Konkurrenz vun den Iddien a vun de kulturellen Ausdrocksformen, mä ech sinn awer grad esou der Meenung, datt déi Konkurrenz, déi hei gemengt ass, d'Konkurrenz vum Geld, net dozou féiere wäert.

Wien dorunner nach Zweifel huet, soll emol eng Kéier owes „erëmzappen" tëschent deene verschiddene private Chaînen a Programmer, déi eis ugebuede ginn, da wäert hie ganz séier feststellen, wat fir eng erschreckend Inhaltslosegkeet a wat fir eng Uniformitéit vun Informatiounen a vu sou genannter Kultur op deene Chaînen ugebuede gëtt. Dat sinn déi eigentlech Froen, déi sech hei an deem Zesummenhang stellen. Ech si selbstverständlech géint dëst Gesetz.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Fernand Greisen.

M. Fernand Greisen *(ADR).*- Här President, am Contraire zu mengem Virriedner wëll ech hei den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.*- Här President, den Accord INTELSAT ass e bëssen ze vergläiche mam Accord EUTELSAT, deen duerno kënnt. Et hätt ee kënnen eng gesamt Diskussioun maachen, duerfir wollt ech e puer Wuert méi soen herno bei EUTELSAT, well méi dozou vun eis ze soen ass.

De Rapporteur, den Här Halsdorf, ass op Problemer agaangen, déi de Statsrot opgeworf huet. Léisunge si virgeschloe ginn. Ech géif mengen, opgrond vun deenen Aussoe sollt Dir dësen Accord stëmmen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4912 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwert de virleiende Projet of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4912 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Lucien Clement), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nikklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Alex Krieps) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener.*

*A voté non: M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mir zur Diskussioun vum Projet de loi 4786 iwwert den Accord EUTELSAT. Et sinn agedroe bis elo: d'Madame Delvaux, d'Madame Beissel an den Här Urbany. D'Wuert huet den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf, deen de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer, ersetzt.

## 8. 4786 - Projet de loi portant approbation des Amendements au préambule, aux articles I; II; III; V; VI; VII; IX; X; XII; XIII; XIV; XV; XVI; XVII; XVIII; XXI et à l'annexe A de la Convention portant création de l'Organisation Européenne de Télécommunications par Satellite „EUTELSAT" tels qu'ils ont été adoptés à la 26ème réunion de l'Assemblée des Parties à Cardiff, le 20 mai 1999

***Rapport de la Commission des Media et des Communications***

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur en remplacement de M. Patrick Santer empêché.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei geet et drëm, de Projet 4786 iwwert d'Konventioun EUTELSAT, wou mir Amendementer kréien, ze verabschieden. Dat Ganzt huet 19 Méint gedauert bis mir et haut hei fäerdeg bréngen.

Déi 26. Versammlung vun de Parteien huet de 25. Mee 1999 zu Cardiff/Wales Amendementer un dëser Konventioun virgeholl. EUTELSAT gëtt ënnert de Contrôle vun enger Organisatioun zwëschent Regierunge gesat an dat an engem kompetitiven Ëmfeld an Europa. Hei ginn d'Originen zréck op 1977, wou d'Société EUTELSAT éischter eng Coopérative de moyens war, dat heescht d'Signatairen an d'Investisseuren hunn am Prorata konnten dorop zréckgräifen.

Eis Post war den 12. Investisseur a Benotzer mat 1,58%, wat 500 Milliounen al Lëtzebuerger Frangen ausmécht, dat heescht 12.394,676 Euro. De Chiffre d'affaires vun dëser Gesellschaft ass 1999 83% am Beräich vun Televisioun a vu Radio, wourun ee gesäit, wou de Point fort hei läit. Et geet drëm méi Flexibilitéit ze kréien, well eng Majoritéit, och wéi an deem Fall virdrun, vun zwee Drëttel vun enger Versammlung ass net optimal, fir gutt ze schaffen. D'Innovatioun gëtt domat och erëm zréckgesat. Et geet also drëm d'Kapassitéite vun dëser Organisatioun kompetitiv ze maachen, de Statut ze veränneren, fir an eiser Informatiounsgesellschaft weiderzekommen an am Satellitewiesen nei Alliancen ze fannen an nei Filialen ze kreéieren. Dat ass de But vun EUTELSAT.

D'Décisioun vu Cardiff ass déi, datt eng S.A., eng Société anonyme, vu franséischem Recht kreéiert gëtt. D'Aktionäre kënnen hei erweidert ginn, mä den initialen Aktionären hir legitim Interesse musse gewahrt bleiwen. Et gëtt Dispositiounen an de Statuten, déi déi néideg Garantie ginn, wa Wiessel an der Kontroll bei de bestehenden Aktionäre komme sollten. D'Regierunge behalen also d'Iwwerwaachung vun de Basisprinzipien. Dat ass dat Wichtegst. Dat si véier Stéck:

1. den obligéierte Service public an de Service universel;

2. d'Satellitesystemer mussen eng paneuropäesch Deckung garantéieren;

3. et däerf keng Diskriminéierunge ginn;

4. déi loyal Konkurrenz muss herrschen.

Et gëtt weider Obligatiounen, wat d'Kontinuitéit am internationale Recht ugeet, vun der Benotzung vun de Frequenzen an der Radiokommunikatioun. D'Revisioun vun der Konventioun ass geschitt iwwer en Arrangement, deen der Kommissioun virlung, deen also gewosst war. D'Revisioune vun de Missioune sinn déi, datt EUTELSAT als Fournisseur am Weltraum elo Prinzipien, Rechter an Obligatiounen huet, wat d'Benotzung vun de Frequenzen ugeet. Mir hunn also elo eng Reglementéierung am Radiokommunikatiounsberäich. Den Organe exécutif gëtt dirigéiert vun engem Secrétaire exécutif.

Ech wëll nach kuerz op den Avis vum Statsrot agoen. Den éischte Punkt, deen eis eppes ugeet, ass deen, datt festgestallt gëtt, datt eng Concurrence déloyale entsteet tëschent der EUTELSAT S.A. an der SES GLOBAL, am Besonneschen, wat d'Filière SES ASTRA ugeet, well d'EUTELSAT huet am Fong geholl Privilegien, déi d'SES net huet. D'SES muss eng Redevance bezuelen, wa se wëllen déi Lëtzebuerger Frequenze vu Satellite benotzen, en plus kann EUTELSAT d'Fixatioun vun de Präisser vun dëse Kanäl och nach festleeën. SES huet sech awer net géint dës Konventioun ausgeschwat. Si si souguer der Meenung, datt heiduerch eng gewëssen Transparenz an dësem Beräich optrëtt, wat am Interesse vu jiddferengem ass.

Zweetens, wat den Organe de contrôle ugeet, do stellt de Statsrot fest, datt dës Solutioun, déi fonnt ginn ass, sécherlech iwwerraschend ass, well tatsächlech eng aner Form hätt kënne fonnt ginn, fir d'Iwwerwaachungsmissioun ze maachen. Déi hätt net onbedéngt missten eng Partie intégrante vun EUTELSAT S.A.. sinn. De Statsrot mengt awer, datt am Fong geholl déi Organisatioun tëschent de Regierungen sech net mat de Problemer vun der normaler Surveillance, wéi se existéieren an enger Société anonyme, wäert mussen ofginn, sou datt dat vum Statsrot akzeptéiert gëtt.

Eng aner spezifesch Situatioun ass déi, datt d'Parteie kënnen d'Konventioun opléisen, déiselwecht Konventioun, déi am Fong geholl dës Gesellschaft kreéiert huet.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Et ass kloer, datt eng Zweedrëttelmajoritéit hei gebraucht gëtt, wéi ech et gesot hunn. Wat d'Verfassung ugeet, dierft et och kee Problem sinn, well jo d'Chamber am Fong geholl hei en Accord de principe gëtt, fir dësen internationalen Traité conformément zu den Dispositiounen ëmzesetzen.

Wann natierlech, wéi ech virdru gesot hunn, hei e Changement geschitt géint de Wëlle vun eisem Land mat enger Zweedrëttelmajoritéit, da stelle sech Froen am Kader vum Artikel 37 vun der Constitutioun. D'Konventioun EUTELSAT, déi mir haut hunn, ass och iwwert d'Lëtzebuerger Gesetzgeber an de leschte Jore verännert ginn. Dat hei si Prérogativen, géif ech mengen, déi net vun der Constitutioun a Fro gestallt ginn. De Statsrot stellt datselwecht fest, dat heescht, datt et problematesch gëtt, wann en Amendement géif kommen, wou Lëtzebuerg net d'accord wär, wou Lëtzebuerg en negative Vote géif maachen. Da wäre mir nees am selwechte Fall, wéi bei der INTELSAT, dat heescht, entweder misste mir deen Amendement unhuelen oder mir missten eis aus der Organisatioun zréckzéien.

Dëse Rapport huet eng Unanimitéit fonnt an der Kommissioun an ech géif lech dann och bieden dat heiten ze stëmmen. Ech bréngen och an dësem Fall den Accord vun der CSV. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Mady Delvaux.

***Discussion générale***

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP).*- Här President, och zu dëser Konventioun kann ech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun bréngen.

Merci.

***(Interruption sonore)***

M. le Président.- Léif Kolleegen a Kolleeginnen, mir hate scho wéivillmol dee Problem do. Ech mengen, mir sollten eis virhuelen, dass mer an Zukunft keng Handye méi mat erabréngen oder, wann Der se mat erabréngt, dass se ausgeschalt sinn, esou dass ee keng Kommunikatioune kann emfänken.

Mir fueren an eiser Aarbecht weider. D'Wuert kritt elo d'Mme Simone Beissel.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Här President, esou wéi meng Virriedner wäert ech mech deem Projet ralliéieren a bréngen heimat den Accord vun der DP.

Merci.

M. le Président.- An den Här Urbany?

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Och d'EUTELSAT soll an öffentlecher Hand bleiwen, fir e fräien an demokrateschen Zougank zur Informatioun ze garantéieren. Iwwregens ass op deem Plang hei Lëtzebuerg schon a gewëssene Moossen e Virreider vun der Liberaliséierung gewiescht duerch d'SES.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Fernand Greisen.

M. Fernand Greisen *(ADR).*- Jo, Här President, ech wëll just den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

M. le Président.- Den Här Minister Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.*- Här President, deen EUTELSAT-Accord, deen huet laang Zäit gebraucht bis dass en ausgehandelt gouf, an et war och esou, dass d'Lëtzebuerger Regierung eigentlech ganz vill Bedenken hat zu deem, wat mir elo hei sollen an awer och musse stëmmen.

Mir hunn eis esou laang wéi méiglech gewiert géint déi Struktur déi do ass, dass mer engersäits d'EUTELSAT privatiséieren, anerersäits awer iwwert der EUTELSAT nach en Organ hunn, wat déiselwecht staatsrechtlech, öffentlech rechtlech Privilegië behält, wéi virdrun d'EUTELSAT als Betrib hat, sou dass et zum Deel nëmmen eng hallef Liberaliséierung ass. Ech muss allerdéngs zouginn, dass et och vill Avisen zu där doter Fro gëtt, an dass keng besser Léisung erausgeschloe konnt ginn, wéi elo déi, déi eis virläit, och wa se eis als Lëtzebuerger Regierung bestëmmt net zefridde stellt.

Et ass elo schonn hei ugeklongen, EUTELSAT ass och zum Deel e Konkurrent vun der SES, allerdéngs - an ech wëll do dem Här Halsdorf merci soe fir säin ausféierleche Bericht - natierlech ass et och do esou, dass et eng Partie Accorde gëtt. Ech mengen, wann elo d'Fro hei wär: Regierung sidd Der dann, well Der net richteg mat deem Text zefridde sidd, deen erauskoum, der Meenung, Lëtzebuerg soll aus EUTELSAT erausgoen? Da soe mir ganz kloer Neen.

Et ass wichteg, dass mer an der EUTELSAT bleiwen, grad wéi et wichteg ass an der Intelsat ze bleiwen, och fir eng ganz Patie Kontakter um internationale Punkt ze hunn. An dann ass et esou, dass mer zwou Zorte vun Avantagen hunn. Deen een, op dee wëll ech net weider agoen, dass d'Post nach ëmmer een Deel vum Kapital hält. Dee kann d'Post verkafen, wa se eng Kéier wëll verkafen. Deen aneren Deel, dat ass awer deen, dass Lëtzebuerger Firmen, an ech denken net nëmmen un d'SES, ech denken och do un d'Post, eng ganz Partie Accorde mat EUTELSAT hunn, wou se sech géigesäiteg hëllefen, wou se technesch Kooperatiounsaccorden hunn, sou dass fir eis, och wann den Text eis elo net grad esou schmaacht, et awer trotzdeem ee Projet ass, dee mer gäre gestëmmt hätten, well et wichteg ass, dass mer an der EUTELSAT bleiwen.

Et ass och esou, dass mer awer dann nach ëmmer méi Transparenz hu wéi virdrun, wou EUTELSAT wierklech de Problem hat, dass et öffentlech rechtlech Privilegien hat, mä awer als Konkurrent opgetrueden ass, sou dass dat heite wierklech besser ass wéi näischt. Ech wär frou, wann d'Chamber haut och géif deen dote Projet stëmmen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4786 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet de loi sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Nico Loes), MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Marco Schroell) et Théo Stendebach;*

*M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*A voté non: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hate gëschter décidéiert, dass mer haut zréckkommen op d'Resolutiounen, déi jo vertaagt goufen. Et war gesot ginn, déi kéimen haut um véier Auer. Dat ass bal exakt. Nach véier Minutten.

Et sinn zwou Resolutiounen erakomm, eng vum Här Bausch an eng vum Här Lucien Weiler iwwert de Konvent.

Den Artikel 37 vum Chamberreglement gesäit vir, datt dem Auteur vun enger Resolutioun fënnef Minutte Riedezäit zur Verfügung stinn, de Fraktiounen an der Regierung ebenfalls fënnef Minutten, an der Sensibilité politique zwou Minutten.

Wie wëllt d'Wuert ergräifen? D'Mme Renée Wagener huet d'Wuert, an dann den Här Weiler.

## 9. Résolutions de M. François Bausch et de M. Lucien Weiler sur l'exécution de la décision du 15 mai 2002 de la Chambre des Députés d'instituer une convention sur l'avenir du Luxembourg

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. D'Resolutioun Weiler vum 15. Mee 2002 huet am Fong déi Iddi vun deene Gréngen opgegraff, déi déi um Rentendësch gemaach haten, fir een Zukunftskonvent an d'Liewen ze ruffen. Hien huet déi Iddi opgegraff a verfeinert an enger ganz expliziter Resolutioun, déi mir och begréisst an ënnerstëtzt hunn.

Ech wëll dovunner just den Haaptinhalt zitéieren, an zwar d'Chamber géif décidéieren: „d'instituer une convention sur l'avenir du Luxembourg sous le patronage du Président de la Chambre des Députés et fonctionnant sous l'égide de la Chambre des Députés, de convier à cette convention les forces vives de la nation, des acteurs représentatifs de l'ensemble des intérêts et des aspirations de la société civile."

Wéi mir déi Resolutioun gestëmmt hunn, ass et een zimlech grousse Konsens heibanne ginn. Et war just d'LSAP, déi sech enthalen huet, doniewent huet den Här Calmes dergéint gestëmmt an den Här Glesener an den Här Jung hu sech och enthalen. Et kann een also soen, datt mer e breede Konsens haten, an datt eigentlech déi Haaptfro, iwwert déi mir haut wahrscheinlech och nach eng Kéier wäerten diskutéieren, deemools scho ganz präzis gekläert ginn ass, nämlech datt deen Débat iwwert d'Zukunft vum Land sollt ënnert der Autoritéit vun der Chamber stattfannen.

An där Resolutioun war och festgehale ginn, datt eng zweet Resolutioun sollt d'Kompositioun vun deem Konvent festhalen, an do waren eng Rei vu Préparatiounsaarbechten, wou et am Fong zimlech kloer war, datt d'Conférence des Présidents déi misst an Ugréff huelen.

Dofir hu mir och den 11. Juli, well net ganz vill passéiert ass, e Bréif gemaach, wou mer nach eng Kéier dorobber higewisen hunn, a gesot hunn, datt et un der Conférence des Présidents wier, fir hei déi noutwendeg Décisiounen ze huelen.

Den 10. Oktober, Här President, ass dee Bréif dunn op den Ordre du jour vun der Conférence des Présidents komm, an do huet den Här Bausch nach eng Kéier eis Positioun erkläert. Do ass awer eng Diskussioun lassgaangen, wou ee sech am Nachhinein eigentlech just ka wonneren, well d'Conférence des Présidents hat jo e kloren Optrag a si hat net den Optrag nach eng Kéier Diskussioun vu vir un ze féieren. Do sinn awer da verschidde Positiounen op den Dësch komm, déi eng Leit ware fir eng Konventioun, sou wéi se an der Resolutioun festgehale gi war, aner Leit ware fir eng Kommissioun, déi sollt mat Expäre vu baussen zesummekommen, an nach drëtter wollten nëmmen ënnert den Deputéierten déi Diskussioun féieren. Zumindest déi zwou lescht Positiounen, Här President, sinn erstaunlech, well dat huet näischt méi mat der Resolutioun Weiler vum Mee 2002 ze dinn.

Mir hunn dorops hin nach eng Kéier e Bréif gemaach un d'Conférence des Présidents, wou mer méi eng präzis Propos gemaach hunn, wéi d'Kompositioun vun deem Konvent kéint ausgesinn, an den 22. Oktober an der Conférence des Présidents ass déi Propositioun rejetéiert ginn, an zwar vun der DP, der LSAP an dem ADR géint d'CSV an déi Gréng.

Wéi kënnt et, datt déi Propositioun konnt ofgelehnt ginn? Wéi kënnt et iwwerhaapt, datt am Juli scho keng Bereetschaft vu verschiddene Fraktiounschefe méi do war, fir déi Resolutioun in Wort und Sinn ze exekutéieren?

Et steet leider näischt am Procès verbal dodriwwer dran, och net an där Sitzung vum 22. Oktober, firwat déi Saach esou ofgelaf ass. Et gëtt och net gesot, datt iwwer aner Proposen diskutéiert gi wär, iwwer alternativ Modeller, wéi ee kéint virgoen.

Mir stellen eis wierklech do eng ganz Rei vu Froen: Firwat ass eis Propos en bloc ofgelehnt ginn? Wann ee sech un eenzelne Punkte stéiert, dann hätte jo kéinten Änneerungsproposen kommen oder Géigeproposen. Firwat war d'Diskussioun domadder beendegt, well et steet näischt am Procès verbal, datt d'Diskussioun géif fortgesat ginn?

Alles dat schéngt eis wierklech eng ganz gelungen Handhab vun deem Dossier. Mir hunn duerfir eng Resolutioun preparéiert, déi mir den 8. November schonn erageschéckt hunn, wou mer dra festhalen, dass d'Chamber seet, dass déi Aart a Weis vun der Conférence des Présidents contraire ass zur Décisioun vun der Plénière a wou mer d'Conférence des Présidents géifen invitéieren, fir déi Konventioun endlech ze instituéieren. Dat natierlech esou, wéi et festgehal gi war ënnert der Egide vun der Chambre des Députés.

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler huet nach d'Wuert gefrot. Här Weiler, Dir hutt d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Mini-Koalitioun, déi d'CSV mat deene Gréngen elo während e puer Wochen an engem Deelberäich, op engem Punkt, hei hat, fënnt haut hiert Enn. Net esou séier, wat de Fong ubelaangt, well mer eis do nach ëmmer eens sinn, mä awer wat d'Prozedur ubelaangt. Ech kann och net mat der Madame Wagener d'accord sinn, wa se seet, dass ech a menger Resolutioun vum Mee eng Iddi vun deene Gréngen opgegraff hat.

Ech hat en fait eng Iddi opgegraff - an et muss een, wann een éierlech ass, den Auteur och mam Numm benennen - vum honorablen Här Bisdorff, deen haut net méi bei eis ass. Hien hat am Dezember 2000 beim Budget eng Motioun hei erabruecht, déi mir zwar an där Form net wollten, mä wou mer awer sënngeméiss mat deene Proposen aus der Motioun d'accord waren. Mir hunn déi Motioun dunn ëmgeännert als Majoritéit, déi vun alle Fraktiounen hei an der Chamber ënnerschriwwe gi war, wou mir eis fir en Zukunftsdësch ausgesprach haten. Eng Motioun, déi awer duerno, well se an d'Kommissioune verwise ginn ass, keng Suitë kritt huet.

Här President, déi Resolutioun, déi ech abruecht hat, huet sech wéi gesot ugelehnt un déi Motioun, mä se huet sech awer och ugelehnt zum Beispill un dat, wat d'Presidentin vun der Demokratescher Partei op engem Kongress vun hirer Partei am Joer 2000 gefuerdert hat. Si huet sech ugelehnt un dat, wat d'Sozialisten an hirem Wahlprogramm stoen haten.

***(Interruption)***

Ech kann dat zitéieren. Ech maachen dat och. Et huet sech ugelehnt un Iddien, déi déi Gréng an dësem Beräich entwéckelt haten, an duerfir hat ech gemengt, dass mer eng gutt Iddi opgegraff hätten, fir iwwert d'Zukunft vum Land net nëmmen hei am Parlament als Parlamentarier eleng, mä dass mer eis zesumme mat enger Rei vun anere Participanten, notamment verschiddenen Institutiounen, de Forces vives, Gewerkschaften, der Zivilgesellschaft, ONGen, an och Biergerinitiativen als gläichberechtegt Partner un en Dësch sëtze sollten an eis Gedanken iwwert d'Zukunft vum Land maache sollten.

Ech gi gären zou, datt wéi mer déi Resolutioun hei ofgestëmmt hunn, net all d'Fraktioune sech eens waren iwwert dat, wat an der Resolutioun gestanen huet. Et stung nämlech dran, datt mir ënnert der Egide vum Parlament all déi Leit do conviéiere géifen, an dat war jo vun Ufank un e bëssen de Sträitpunkt, dee mer haten: Ginn dat gläichberechtegt Memberen hei an der Chamber an dësem Konvent oder gi se als Invitéen eng Kéier heihinner geruff a kënnen hir Iddien développéieren, och nach schréftlech eraginn, an domat ass et da gehalen? Doriwwer huet, ginn ech gären zou, vun Ufank un en Dissens bestanen. Et muss een einfach haut festhalen, datt hei an der Chamber sech keng Majoritéit fënnt fir esou e Konvent.

***(Interruption)***

Jo, Madame Wagener, bis ewell gëtt et keen. Vläicht gëtt et een um Enn vun dëser Debatt, mä ech muss lech soen…

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Et ass een am Mee ginn, soss wär déi Resolutioun net ofgestëmmt ginn. Do steet dat jo dran.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Jo neen! Neen, Madame Wagener, wann Der d'Debatt noliest, wéi mer déi Resolutioun hei gestëmmt hunn, do sinn a breeden Interventiounen, notamment vum Här Rippinger, och vun de Säite vun de Sozialiste Froen opgeworf ginn, wéi dann dee Konvent effektiv sollt zesummegesat ginn. Et war net kloer gestallt ginn an där Debatt, wéi déi Kompositioun géif ausgesinn. Dat muss ee fairerweis unerkennen. Dat war esou.

Vu dass et keng Majoritéit - an ech gesi keng - gëtt fir e Konvent, esou wéi mir e gesinn hunn, denken ech, dass mer missten d'Resolutioun stëmmen, déi mir abruecht hunn. Ech wëll lech soen, nach eng Kéier rappeléieren, datt et Zil an Zweck vun eis war, dass net nëmme Politiker sollten an esou engem Konvent sëtzen, mä dass doranner och all déi, déi ech virdru schonn opgezielt hunn, an notamment och d'Zivilgesellschaft, well ëmmer erëm d'Demande dobaussen do ass, fir kënnen als gläichberechtege Partner un Délibératiounen, u Berodungen deelzehuelen, net un Décisiounen. Et gung net drëm, datt dee Konvent soll Décisiounen huelen. Dat war vun Ufank u kloergestallt.

***(Interruption)***

Ma selbstverständlech net!

Och déi Gréng, ech hunn ni eraushéieren, datt déi Gréng gefuerdert hätten dee Konvent géif Décisiounen huelen, déi bindend fir eng Regierung oder fir dëst Parlament wären. Dat ass ni gefuerdert ginn.

***(Interruption)***

Ech hunn net eng eenzeg Fuerderung an deem Sënn gesinn an héieren. Et gung drëms, dass déi Leit sollten zesummen als gläichberechtegt Partner an engem Konvent hëllefe mat proposéieren, Iddien entwéckelen, Strategien entwéckelen, wéi Lëtzebuerg net am Detail, mä op grousse Pistë sech sollt an deenen nächste Joren entwéckelen.

Dat war d'Iddi, déi hannendru gestanen huet. Selbstverständlech wär d'Décisiounsgewalt bei der Regierung a beim Parlament bliwwen. Duerfir hunn ech och net verstanen, wéi de Parteipresident vun der LSAP d'lescht Woch an engem Interview an der Revue gesot huet: „Beim Zukunftskonvent hätten die gewählten Volksvertreter das Sagen mit Anderen teilen müssen!"

Ma iwwerhaapt net, Här President. Ech hunn net een héieren, dee jee eng Kéier gefrot hat, dass hei d'Sagen geteilt muss ginn, datt déi Leit hei Décisiounsgewalt mat eis kréichen. Et war just, fir ze hëllefen ze beroden a fir bei deem, wat mir dann als Iddien hunn, och hiren Input mat eranzehuelen, dat zesummenzefaassen, an da wär et um Parlament an un der Regierung gewiescht, fir dat ëmzesetzen.

Här President, ech hunn ëmmer gemengt, an eis Fraktioun, datt eis als Parlamentarier keen Zack géif aus der Kroun falen, wa mir hei net nëmme Leit, wat mer schonn x-mol gemaach hunn, an allméigleche Konditiounen heihinner invitéieren, héiflech a fein mat e sinn, en och nach op eng héiflech Aart a Weis nolauschteren, da villmools merci soen a se erëm heemschécken, mä se hei gehat hätten an engem Gremium, an engem Konvent, wou se gläichberechtegt Partner gewiescht wären, fir mat eis eng Rei Iwwerleeungen unzestellen. Wéi gesot, da wär et un eis herno gewiescht, fir dat ze décidéieren. En Zack wär eis net aus der Kroun gefall. Europa an den europäeschen Institutiounen, déi de Pouvoir hunn, ass och keen Zack aus der Kroun gefall, wéi se e Konvent an Europa agesat haten. Esou wär et eiser Meenung no d'selwecht hei gewiescht.

Här President, dat gëtt et net, a virun allem muss ech lech soen, wonnert et mech och, dass d'Kolleege Sozialisten hei esou Schwieregkeeten haten, fir op deem do Wee matzemaachen, wann ech liesen, wat am Wahlprogramm vun der sozialistescher Partei déi leschte Kéier stung. Ech zitéieren: „Die Sozialisten wollen keinen autoritären Staat, sondern eine moderne Bürgergesellschaft, in der anfallende Probleme durch einen offenen Dialog und öffentliche Konsenssuche gelöst werden. Lebendige Demokratie lebt von der Bereitschaft der Bürgerinnen und Bürger zur aktiven Mitverantwortung und Mitwirkung."

Aktiv Mitverantwortung an aktiv Mitwirkung ass hei ageklot ginn a proposéiert gi vun de Sozialisten am Wahlprogramm. Den Här Asselborn seet a sengem Interview: „Hier sind wir wieder beim Primat der Politik, das uns sehr wichtig ist. Das Parlament muss das, was die Zukunft des Landes betrifft, selbst ausarbeiten und durchziehen."

Mir als Parlamentarier sinn also déi, déi d'Wourecht gepacht hunn. Mir mussen ausschaffen a mir mussen duerchzéien, a soss huet keen hei matzeschwätzen. Vun der aktiver Mitverantwortung an der aktiver Mitwirkung aus dem Wahlprogramm vun de Sozialiste mierken ech net vill.

Ech wëll soen, Här President, et ass jo spekuléiert ginn, datt dee Konvent hei eng grouss Affär an der Koalitioun wär. Ech muss lech soen: Et ass iwwerhaapt keng Affär an der Koalitioun! Dat hei ass eng Fro, déi stung net an eisem Koalitiounsaccord. Et war eng Iddi vun eis, d'Demokratesch Partei huet eng aner Opfaassung doriwwer, awer et dreift eis nullement auserneen, well mer hei op engem Punkt, deen net an eisem Koalitiounsaccord war, keen Accord fonnt hunn.

Ech muss soen, mir sinn déck zefridden, dass d'Regierung sech bereet erkläert huet - well där schéngt jo keen Zack aus der Kroun ze falen - am Conseil supérieur du développement durable, deen aberuff gëtt, all déi Leit als gläichberechtegt Partner an dee Conseil supérieur ze invitéieren an eranzehuelen, wou mir als Parlament refuséieren dat ze maachen. Dofir hunn ech all Vertrauen, dass awer dat, wat mer en fin de compte ënnert dem Strécht hei wollte mat eiser Initiativ, zum Droe kënnt, zwar net um Niveau vum Parlament, mä um Niveau vun deem Conseil, deen d'Regierung aberuffe wäert.

Dofir, Här President, well dat alles esou ass, proposéieren ech lech déi Resolutioun, déi ech an eisem Numm abruecht hunn, ze stëmmen, well alles anescht, wat mer nach géife maachen, an notamment och dat, wat déi Gréng hei an hirer Resolutioun proposéieren, ass kale Kaffi.

***(Interruptions)***

Mir wëssen, dass dat do zu kenger Majoritéit féiere wäert, also solle mer elo net maache wéi wann a Window-dressing hei maachen. Dat Eenzegt, wat geet, ass eis Resolutioun, esou wéi mer se abruecht hunn, an dofir géif ech bieden déi ze stëmmen.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här Weiler, kann ech just eppes riicht stellen? Dir hutt vum europäesche Konvent geschwat. Dir wësst, dass am europäesche Konvent nëmmen Europadeputéierten, Nationaldeputéierten a Regierungsvertrieder sinn. Dat ass den europäesche Konvent.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

***(Interruptions)***

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Ech fannen déi Kompositioun ganz gutt, besonnesch och well dee Konvent an enkem Kontakt mat der Société civile schafft.

***(Brouhaha général)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, ech muss soen, déi Gréng, duerch de Mond vun der Mme Wagener, maachen hei wéi wann alles kloer a prezis gewiescht wär, a just eenzel Leit op eemol hir Meenung geännert hätten.

Mir hunn, ech schwätzen elo fir mech, mat Sécherheet eis Meenung net geännert. Mir hu vun Ufank u gesot, dat do ass onprezis an dat huet sech och gewisen, Madame Wagener - dat ka jiddereen noliesen -, wat de 15. Mee fir Diskussioune waren a wat deen een drënner verstanen huet, a wat deen aneren drënner verstanen huet. A wann Dir elo maacht, wéi wann dat net esou wier, da verweisen ech op dat wat den Här Weiler elo just gesot huet, wat seng Opfaassung wier, dass déi Leit do net gläichberechtegt géingen ofstëmmen, a wat Dir gesot hutt als gréng Fraktioun zu deem Zäitpunkt. Do hutt Dir ganz aner Saache gesot.

***(Interruptions diverses)***

Wéi den Här Weiler elo just vu Gläichberechtegung geschwat huet, huet dat mech e bëssen erënnert un d'Gläichberechtegung an den Haushalter vu fréier. Do hat schlussendlech d'Fra awer net vill ze soen, an esou hutt Dir och hei d'Zivilgesellschaft wëlle gleewen dinn, si hätt eppes ze soen.

Entweder hutt Der de Courage, wann Der se wëllt an e Gremium setzen an dann hu se grad esou vill ze soe wéi Dir zu deem Zäitpunkt, oder Dir hutt dee Courage net an da lande mer bei deem Virschlag, dee mir gemaach hunn. Ech muss Iech och soen, Madame Wagener, wann Dir esou prezis virgaange wiert, wéi Dir dat elo hei sot, da liest emol Är eege Resolutioun déi dir ënnerstëtzt hutt, déi vum Här Weiler, dat ass jo dann Är och, well Dir hutt se mat ënnerschriwwen. Do steet dran, dass d'Kompositioun géing festgehale ginn „après consultation" net „de la Conférence des Présidents", mä „des commissions parlementaires".

Sot mir a wellecher Kommissioun wéini eng eenzeg Kéier iwwert dat do geschwat ginn ass.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, däerf ech dem Här Krecké soen, dass awer ee muss d'Initiativ huele fir d'Kommissiounen unzeschwätzen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Madame Wagener, huet dann eng Kéier ee vun Äre Leit e Point à l'ordre du jour gesat?

***(Interruption)***

Mä, Madame Wagener, wann déi aner et net maachen, also déi, déi sech enthalen, et si jo net déi, déi dat do maachen. Huet eng Kéier ee vun Iech an enger Kommissioun gesot, déi Kommissioun soll sech ausschwätzen iwwert d'Propositioun? Ech ka mech net erënneren. Dir haalt Iech also net un dat, wat Der hei selwer ofgestëmmt hutt. Do steet: „des commissions parlementaires" an net „une commission parlementaire".

A souwisou fannen ech et net ganz fair, well Dir hutt opgezielt, et waren dräi Virschléi do. Et hätt jo awer och kënne sinn, dass den zweete Virschlag hätt kënnen e Konsens bréngen. Ech hunn nämlech ganz vill, a meng Fraktioun mat Sécherheet, Verständnis fir eng Rei Saachen.

Dat éischt wier den Zäitpunkt gewiescht, mä dofir kënnt Dir net. Mir hu gesot, dat do hätte mer verstanen, wann een aus enger Period kënnt, wou 15 Joer déiselwecht Koalitioun war, an du häss ugefaangen an du häss gesot, elo kënnt een neie Wand, elo kënnt eppes anescht. Am Ufank hätt een eng déifgräifend Diskussioun mat allméigleche Kräfte gefouert an et wier een dann higaangen an et hätt ee gesot, déi nei Koalitioun hëlt elo d'Konklusiounen oder d'Rotschléi a mécht dann an deenen nächste Joren dat do.

Awer net 18 Méint virun de Wahlen op eemol fänkt een un hei ze soen, elo kucke mir emol wat mir an nächster Zäit kënne maachen. Mir hu fonnt, dass dat e schlechten Zäitpunkt war, a wann ech eng Kéier ënnerschriwwen hunn, da war et och fir dee Virschlag, deen ech gemaach hunn. Et ass jo net, wéi wann ech do gesiess hätt einfach nëmmen nozelauschteren. Ech hat d'Mandat vu menger Fraktioun, mech fir eis ze enthalen. Dat hu mer gemaach, an ech hunn e Virschlag am Numm vun eiser Fraktioun gemaach. Wat war eise Virschlag?

Mir hätten eng aner Kommissioun geholl wéi déi, déi mer elo geholl hunn. D'Kompositioun hätte mer e bëssen anescht gemaach, mä d'Kompositioun wier eng vun heibanne gewiescht. Si wier méi grouss gewiescht, si hätt kënnen eng aner Gewiichtung hunn, si wier méi feierlech gewiescht doduerch, dass de President se décidéiert hätt. Dat hätte mer alles kënne maachen, dat läit an eiser Propositioun.

Mir ware bereet hir e kloren Optrag ze ginn, a mir ware bereet déi Leit aus der Zivilgesellschaft, awer net nëmmen déi, déi do eppes ze soen hunn, mä och eng Rei Expären ze héieren. Awer net nëmmen ze héieren an da se heem ze schécken, eou wéi mer dat elo an der Gewunnecht haten, an da fuere mir weider. Ma neen, si hätte kënnen heibanne sëtzen, jidderee jidderengem nolauschteren. Duerno hätt déi Kommissioun awer misste vläicht kucken zu welleche Konklusioune kënnt een, an dann hätt ee sech nach eng Kéier ausenaner gesat mat der Zivilgesellschaft an dësem Raum, mat deene Konklusiounen déi mer gehat hätten. Mä dat wier am Ënneren an am Kader vun där Kommissioun gewiescht, esou wéi mir eis verstanen hunn, mä dat heescht, dat wier d'Primat vun der Politik gewiescht, Här Weiler. Do hätten nämlech mir missten eis Responsabilitéit huelen a soen, aus deenen Débaten, déi mer elo hei gefouert hunn, zéie mer folgend Konklusiounen, mä mir kommen nach eng Kéier bei Iech a mir bréngen Iech déi Konklusiounen. Da sot Der mer eng Kéier Är Meenung an da seet d'Chamber wat soll geschéien.

Dat wier e besseren Oflaf gewiescht wéi dat wat mer als Hearinge soss hei héieren, wou iergendee Grupp kënnt, dee gëtt e Pabeier of, seet och nach e puer gescheit Saachen an dann dierf en heemgoen an en héiert ni méi eppes. Et gëtt ni Konfrontatioun gemaach vun deem wat mir dann elo aus hire Pabeieren a Matdeelungen erauszéien. Dat war et.

Woufir mir kee Verständnis hunn, dat ass den Zäitpunkt. Nodeem dass mer hei esou vill Analysen, esou vill Débaten, esou vill Hearingen haten iwwert d'Immigratioun, iwwert d'Nohaltegkeet, iwwer PISA, iwwer Medien, et j'en passe, an héieren hunn, dass souwisou géing och um Niveau vun der Regierung nach eng Kéier eppes géing agestallt ginn, wou erëm déi selwecht Leit méi oder wéiniger géinge gehéiert ginn. Déi selwecht Leit si jo hei wierklech défiléiert, si sinn an deenen eenzelne Kommissiounen défiléiert an déi musse sech jo och Froe stellen. Da wiere se elo nach eng Kéier komm. Dofir war eis Meenung, dass een net der Koalitioun hei d'Chance gëtt sech iwwert d'Distanz ze retten, mä dass ganz einfach hätt nach misste gekuckt gi wat feelt. Dat wier analyséiert ginn an net erëm vir ugefaange ginn.

D'Immigratiounskommissioun huet ganz vill geschafft. An de PISA-Hearingen ass scho ganz vill geleescht ginn. Alles dat wat um Niveau vum Här Calmes senger Kommissioun, um Niveau Nohaltegkeet geschitt ass, alles louch do. Also hätt een dat kënne maachen. Et huet also kee Wäert fir dat nach eng Kéier ze maachen. Mä wat wier och geschitt? Et war emol net prezis. Wat geschitt mat deene Recommandatiounen? Sinn déi da bindend fir eng Regierung herno, oder ass dat e Gepoters do während x Méint an duerno mécht Regierung just wéi se wëllt? Mir haten d'Fro gestallt, ob déi Leit dann och bereet sinn iwwer eng Rei entscheedend Projeten, ...

***(Interruption)***

Et ass nozeliesen, Här Gira!

...déi elo wegweisend sinn, mä déi eis net noutgedronge gefalen, e Moratoire iwwerzehänken an ze soen, hei ginn awer elo iwwer eng Rei Projete keng Décisioune méi geholl, bis dass d'Resultater heivu virleien? Nozeliese bei deem wat den Här Fayot an ech an eisem Numm gesot hunn. Bis haut nach keng Äntwert dorobber!

Ech muss soen, ech hu virausgeséckt, dat do ass e Gremium wat mir nach ni haten an där doter Form. Seit dem 15. Mee hätten d'Groussverfechter vun där heiter Saach, besonnesch nodeem dass ech drop opmierksam gemaach hunn, dass et esou e Konvent an där Form hei zu Lëtzebuerg an eisem Parlament net gëtt am Reglement, Zäit gehat d'Reglement ëmzeänneren. Ech hu gesot, mir wëllen hei kee Gremium, wat net virgesinn ass. Dir hätt seit dem 15. Mee kënnten d'Reglement ëmänneren.

***(Interruptions)***

Här Weiler, mir hunn d'Reglement schonn heiansdo an dräi Deeg ëmgeännert an ech hunn Iech gesot, dat do gëtt et net.

***(Interruptions)***

Mä dat ass nozeliesen. Dat do gëtt et net, dann hätt Der et sollen ëmänneren. Dir hutt näischt gemaach. Dat wichtegst, Här Weiler, Dir hutt als Ophänkert de Konvent geholl. Ech weess, Dir wëllt Iech bei der Zivilgesellschaft de schéine Männche maachen. Et ass Iech méiglecherweis gelongen.

***(Interruptions)***

Dir waart jo frou, Dir hat Schweesspärele bei mengem Vote op der Stir, schonn erëm eng Kéier, wéi Dir net wousst, ob ech mech géing enthalen oder ob ech géing dergéint stëmmen. Well wann ech mech enthalen hätt, da wier den Zukunftskonvent, esou wéi déi Gréng e virgeschloen haten, duerchgaangen, an Dir wësst, - wann Der éierlech sidd, Dir hat Schweesspärelen an Dir hat Angscht -, wann dat géing geschéien, da wier domat nämlech Är ganz Aarbecht gelähmt. Also, esou kënne mer net matenaner fueren. E Konvent, deen deen Numm dréit, huet den Här Fayot Iech gesot, där gëtt et een a wéi fonctionnéiert deen? An Zesummenaarbecht mat der Zivilgesellschaft, genau dat wat mir virgeschloen hunn.

***(Interruptions diverses)***

Mir hunn hei d'Décisioun ze huelen, Här Gira, a mir stinn dozou, dass mir d'Décisiounen ze huelen hunn a keen aneren. Mir lauschtere wat déi Leit soen, mir setzen eis mat hinnen ausenaner. Dat ass eis Propos Nummer zwee gewiescht, nozeliesen an de Rappore vun der Conférence des Présidents, mä dat hutt Der jo entweder net gelies oder net wëlle verstoen. Dir hutt Iech wëllen duerchsetze mat Ärer onpreziser Resolutioun. Dofir kann ech och haut am Numm vun eiser Fraktioun nach net domat d'accord sinn, esou wéi ech net konnt d'accord si mat deeneselwechten Argumenter déi leschte Kéier, wou mer eis och enthalen hunn. A wann ech gelift, huelt och Notiz vu Virschléi vun anere Leit, déi Dir einfach vum Dësch wëscht.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäi Virriedner, den Här Weiler, huet vun enger Minikoalitioun geschwat tëschent der CSV an deene Grénge. Et war och eng Minoritéitskoalitioun, déi kurzlebig war.

Ech muss allerdéngs soen, dass mir bei eisem Vote net eng aner Koalitioun siche gaange sinn, sondern mir sinn e faire Partner an enger Regierungskoalitioun, an dat ass och wichteg fir déi, déi elo laachen. Fir d'Zukunft ass et ganz wichteg, dass een e faire Koalitiounspartner huet. Dat wëllt heeschen, zu deem wat een zesummen ofgemaach an ënnerschriwwen huet, steet een, an alles wat dat anert ugeet däerf et dach awer erlaabt sinn, dass de Koalitiounspartner kee Maulkuerf ugedoe kritt, sondern dass e fräi a frank seng Meenung dozou däerf soen.

An hei war esou e Fall, deen net am Koalitiounsaccord stoung, an dofir hu mir och gesot, wat mir vun deem Konvent géifen denken. Mir waren eigentlech eng vun deenen éischte Fraktiounen, déi am Oktober 2000 op hirer Journée parlementaire ganz konkret Propositiounen, glaskloer Propositiounen iwwert d'Kompositioun vun dësem Konvent gemaach hunn, och an eiser Pressekonferenz duerno.

Mir hunn, ausser deenen Argumenter, déi elo hei invoquéiert gi sinn, institutionell Problemer doranner gesinn. D'Chamber representéiert d'Land dobaussen, y compris also och d'Société civile. Dofir si jo all déi Hearinge gemaach ginn an deene verschiddene Kommissiounen, déi fonctionnéiert hunn, déi vun der Immigratioun an och déi vum Här Calmes. Dofir hätt dat an Zukunft kënne ganz genau sou gutt fonctionnéieren. D'Société civile hätt kënne mat participéieren. Mä institutionell gesi sollt se net eng Partie intégrante vun enger Kommissioun an der Chamber sinn.

Iwwregens muss ech Iech dat soe wat virlouch zu deem Zäitpunkt: Nom Pabeier vum Här Weiler hätt dee Konvent 66 Leit ëmfaasst. Bei deene Gréngen, mengen ech, hätt se zéng oder zwielef Leit ëmfaasst. Ech muss soen, esou e Gremium ka menger Meenung no net richteg fonctionnéieren. An dat waren eigentlech eis Bedenken, déi mir dozou maachen, an déi mir och geltend gemaach hunn.

Wann ech awer elo déi nei Resolutioun vun deene Grénge gesinn, déi haut hei zum Vote usteet, muss ech Iech soen, dann ass dat dach awer eng Resolutioun, déi voller Hypokrisie ass an déi d'Realitéit an d'Wourecht, sou wéi et effektiv gaangen ass, ënnerschléit.

Wat hätten déi Gréng gären? Mä si invitéieren d'Conférence des Présidents, d'Décisioun vun der Chamber ze respektéieren. Dofir brauche mir net invitéiert ze ginn: Dat hu mir gemaach. Et ass jo och virdrun hei ervirgehuewe ginn, dass nach eng zweet Resolutioun sollt kommen, déi bis elo nach ni virlouch. An dat stoung ganz kloer dran an där éischter Resolutioun, déi mir gestëmmt hunn. Do steet dran, den Dialog ze promouvéieren tëschent allen Acteure vun der Konventioun an d'"composition définitive sera arrêtée par une résolution à la Chambre des députés, votée après consultation des commissions parlementaires". Et ass net dozou komm. Firwat ass et net dozou komm? Mä well d'Conférence des Présidents déi Saach net renvoyéiert huet an e Vote geholl huet op eng Resolutioun, déi vun de Gréngen an der Conférence des Présidents presentéiert ginn ass. An Dir wësst lech ze erënneren: Mir haten Interpretatiounsschwieregkeeten an deene verschiddene Fraktiounen iwwert dat Wuert „convier". Mir hunn ëmmer gesot, dat wär „inviter". Dat heescht also d'Société civile, all Forme vun Associatiounen, Fraenorganisatiounen, d'Forces vives de la Nation, d'Gewerkschaften an esou viru kënnten an dee Gremium conviéiert, also invitéiert ginn.

A komescherweis, déi Resolutioun, déi an der Conférence des Présidents vun deene Grénge presentéiert ginn ass, déi war en contradiction formelle zu deem, wat hire Fraktiounspresident hei gesot huet, zu engem Zäitpunkt, wou ech gesot hunn, wat ech ënner „convier" verstanen hunn. Ech zitéieren den Här François Bausch: „Et ass ganz kloer, ëm wat et hei geet.", seet en: „Et geet dorëms, datt ënnert der Responsabilitéit vum Parlament méi laangfristeg a méi verdéiwend geschafft gëtt, wéi dat de Fall ass an normale Chamberskommissiounen, wou mer einfach Associatioune ruffen a wou déi eis e Pabeier duerleeën an eng Kéier dee Pabeier kënne presentéieren an dann erëm heem ginn doriwwer ze diskutéieren".

Dat ass dat - ech hunn en elo zitéiert - wat en dozou gesot huet. Dat war Mëttwoch, de 15. Mee am Joer 2002, also an dësem Joer. Dofir fannen ech dat voller Hypokrisie, wann ech haut kommen an eigentlech meng eege Wierder friessen, déi ech hei gesot hunn, doduercher, datt ech einfach wëll duerch Schaumschléierei hei e Käil dreiwen tëschent d'Majoritéitsparteien, wou natierlech, well ech dat elo scho ka soen, dee Käil net de Fall ass an och net de Fall wäert sinn iwwer esou eng Saach wéi déi heiten. Dofir kënne mir déi Resolutioun vun deene Gréngen net stëmmen.

Mir hunn awer zesumme mat eisem Koalitiounspartner eng nei Resolutioun presentéiert, wou mer d'accord si mat deem Conseil supérieur vum Développement durable an deem, wat an den Debatten hei am Mee vum Statsminister iwwert den Etat de la Nation gesot ginn ass. Do kann, an deem Gremium, d'Société civile pleinement participéieren.

Och wann dee Konvent, esou wéi d'Parteie sech deen hei net konnte virstellen, net agesat konnt ginn, muss ech Iech soen: Wat d'DP ubelaangt, wäerte mir eis och ouni Konvent ëmmer nach Suergen ëm d'Zukunft vu Lëtzebuerg maachen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Mir sinn haut mat zwou Resolutiounen hei befaasst, déi eng vun der grénger Fraktioun an déi aner vun der CSV-Fraktioun. Mir kënnen als ADR, ech wëll dat direkt virausschécken, keng vun deenen zwou Resolutioune stëmmen.

Déi éischt, déi deponéiert ginn ass, ass déi vun de grénge Kolleegen, do wou si soen, datt d'Conférence des Présidents contraire zu den Décisioune vun der Chamber um Niveau vun der Presidentekonferenz décidéiert huet. Ech wëll dat hei vun eiser Säit aus och kloer ënnersträichen, datt dat net der Wouerecht entsprécht, mä au contraire, datt d'Presidentekonferenz conforme zu der Resolutioun vun der Chamber décidéiert huet.

An der Resolutioun vun der Chamber vum 9. Mee dëst Joer steet ënner anerem - a meng Virriedner hunn et och schonn hei ugeschnid-

den: „...dont la composition définitive sera arrêtée par une résolution de la Chambre des députés, votée après consultation des commissions parlementaires.“ Dat heescht, dat war den Optrag, deen d'Chamber hei décidéiert hat, a keng Kommissioun, keng parlamentaresch Kommissioun huet en Avis ofginn oder huet eng Propositioun ofginn. Deen zweeten Deel, deen dra war, schwätzt vu „convier“. Dodrop wäert ech zréckkommen a feststellen, datt domat kloer „inviter“ gemengt war. Also wieren déi Leit net Member vun enger Kommissioun.

Wann also d'Presidentekonferenz déi Propositioun vun de Gréngen an hirer Décisioun berücksichtegt hätt, dann hätt se d'Décisioun vun der Chamber vum 9. Mee hei violéiert. Mä doduerch, dass se se net akzeptéiert huet, huet se am Respekt vun der Décisioun vum 9. Mee hei décidéiert. Op jidde Fall ass dat ganz kloer, et steet an eiser Resolutioun vum 9. Mee dran.

Ech wëll och op dat Wuert „convier“ zréckkommen. Iwwert dat Wuert „convier“ ass hei diskutéiert ginn. Et ass hei gefrot ginn: Ass dat „inviter“ oder ass et net „inviter“? Ech wëll do den Här Rippinger nach eng Kéier zitéieren, deen hei seng Ofstëmmung a seng Ënnerschrëft deemools dovunner ofhängeg gemaach huet, ob dann elo dat Wuert „convier“ géif „inviter“ heeschen oder net. En huet den Här Bausch ganz kloer gefrot: Heescht dat „inviter“? An dunn huet den Här Bausch Jo gesot. Dann huet hien hannendru gesot: „Da kann ech meng Ënnerschrëft ënnert déi Resolutioun setzen a mir kënne se also och stëmmen.“ Also ware mer eis heibannen eens, dass et „inviter“ geheescht huet. Also sinn dat keng permanent a fest Membere vun deem Konvent, mä et si Leit, déi kënnen invitéiert ginn, déi kënne gehéiert ginn, déi hir Meenung kënne soen. Mä si sinn net Member.

Déi zweet Konditioun ass déi, datt eben déi parlamentaresch Kommissiounen hätte misse Propositioune maachen iwwert d'Kompositioun vun deem Konvent. Déi zwou Konditioune waren net erfëllt, an duerfir war et nëmme logesch, dass och eng Majoritéit, an ech géif soen Gott sei Dank eng Majoritéit, fir an der Presidentekonferenz eben déi Absicht, fir d'Décisioun vun der Chamber hei ze violéieren, déi bei de Gréngen a bei der CSV stoung, kënnen an d'Minoritéit ze setzen.

Här President, ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren. Eng Kéier, datt ech moies fréi doheem nach am Bett a menge schéinsten Dreem louch, hunn ech op eemol den Här Weiler um Radio héiere sech iwwert den Här Gibéryen ausloossen, wat dee géif zum Konvent soen. En huet gesot, sënngeméiss, mä en huet déi Wierder gebraucht: Den Här Gibéryen huet an der Chamber formidabel, formidabel gejaut: „Et gëtt Zäit, dass mer esou e Konvent kréien a mir mussen alleguer déi Leit do invitéieren.“ Well ee jo moies awer nach net esou richteg wakreg ass, hunn ech geduecht: „Ëm Gottes Wëllen, solls du esou eppes gesot hunn?“ Well den Här Weiler jo awer vun enger chrëschtlech-sozialer Partei kënnt, kann ee jo awer dovun ausgoen, datt en dat 8. Gebot géif kennen an datt en et net géif mëssbrauchen. Ech hunn duerno mol nogekuckt, wat ech dann effektiv zu deem Projet oder zu där Resolutioun hei den 8. Mee gesot hunn. Ech soen zum Beispill, fir eis wär et wichteg, datt dat um Niveau vum Parlament steet an dass et kee Gremium gëtt, dat niewent dem Parlament géif fonctionnéieren.

Ech soen dat herno nach eng Kéier zum Schluss an därselwechter Debatt. Dofir, wéi gesot, mir ware vun Ufank un der Meenung, dass een esou e Konvent soll maachen. Mir hunn et och um Rentendësch mat erabruecht, mä fir eis war d'Viraussetzung, dass et hei an der Chamber an ënnert der Responsabilitéit vun der Chamber geschitt. Wéi mer dat am Detail maachen, mengen ech Kolleegen, ass eppes anescht. Dofir solle mer eis zesummesetzen.

Ech hunn ni hei an der Chamber gesot, dass déi aner alleguer Member vun deem Konvent waren, an dat Wuert „formidabel“ - et ass souwisou eent wat ech net esou gebrauchen - hätt ech scho guer net gesot. Dofir, wéi den Här Weiler moies do formidabel, formidabel um Radio gejaut huet, do hunn ech geduecht, dat do kann dach net sinn.

Op jidde Fall, Här President, wëll ech just hei soen, dass mir als ADR der Meenung sinn, dass ee soll esou e Konvent maachen an dass een d'Société civile soll invitéieren, hir Meenung héieren, an dass een dann als Parlament seng Responsabilitéit soll dozou huelen.

Dofir kënne mir och déi zweet Resolutioun, déi vun de Majoritéitsparteien haut hei virgeluegt gëtt, wat am Fong e Begriefnis mat dräi Hären ass, wou den Här Emile Calmes, géif ech soen, de Paschtouer ass, well hie war den Eenzegen, deen déi leschte Kéier de Courage hat vun der Demokratescher Partei dergéint ze stëmmen, an da waren nach zwee Kolleege vun der CSV, déi och dergéint gestëmmt haten, oder sech enthalen haten, déi kënnen dann haut d'Massendénger op dësem Begriefnis spillen.

Wat ass op jidde Fall hei bezweckt? Wat wëllt d'CSV heimat bezwecken? Firwat wëllt d'CSV iwwerhaapt hei e Konvent aruffe mat iwwer 60 Leit, also méi grouss wéi d'Parlament. Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng CSV, déi Jorzéngten hei am Land um Pouvoir ass, an déi d'Land elo dohinner gefouert huet wou mir stinn, nämlech virun den absolute Chaos. Mir sti virum absolute Chaos.

***(Interruptions diverses)***

An déi CSV huet eppes geléiert bei de Wahlen an Däitschland bei de Sozialisten a bei de Gréngen. Déi si viru fënnef Joer higaangen an hu gesot, si géifen de Chômage massiv erofdrécken. Et ass hinnen net gegléckt. Da gi se e puer Woche virun de Wahlen hin a si setzen dann eng Hartz-Kommissioun an, déi e puer Propositioune mécht, a seet: Ah, elo musst Der eis wielen, well mir setzen dat ëm, wat déi Hartz-Kommissioun elo proposéiert.

Dee selwechten Trick wëllt d'CSV hei am Land maachen. Si huet d'Rudder komplett verluer, si steet virun enger Machtlosegkeet, virun engem Chaos hei am Land, a wat mécht se elo? Si seet, fir dass mir net brauchen an net mussen elo Faarf bekennen a Responsabilitéit iwwerhuelen: Kommt gesellt lech alleguer schéi ronderëm eis an da potere mer emol 16 Méint an da komme mer mat engem Resultat een, zwee Méint virun den nächste Chamberswahle virun d'Vollek, an da soe mer, elo musst Der d'CSV wielen, fir dass mer an deenen nächsten 30 Joer dat kënnen duerchsetzen, wat déi 60 Leit hei décidéiert hunn.

Dat ass den Hannergedanken, deen d'CSV an deem Konvent huet. E war ze duerchsichteg. Dofir ass en net opgaangen.

Här Weiler, Dir sidd e Schlaumeier, mä dës Kéier waart Dir net schlau genuch!

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. Si huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech kann nëmme staunen iwwert déi Saachen, déi ech elo grad hei gehéiert hunn. Mir hunn am Mee eng Resolutioun gestëmmt. Et schéngt mir ganz kloer ze sinn, dass et dann d'Aufgab vun enger Conférence des Présidents ass, fir déi Resolutioun an d'Wee ze leeden an ze preparéieren, dass se kann ëmgesat ginn, an net fir erëm eng nei Diskussioun ze féieren. Et ass awer genau dat wat an där Conférence des Présidents geschitt ass.

***(Interruptions)***

Här President, mir hu bestëmmt dräi Bréiwer geschriwwen, wou mir éischtens emol...

***(Interruptions)***

...gefrot hunn, dass iwwerhaapt eppes geschitt, well soss hätt d'Conférence des Présidents deen Dossier leie gelooss. Dir hutt zum Beispill näischt proposéiert.

***(Interruptions)***

Här President, mir hunn also eng Rei vu Bréiwer geschriwwen, wou mer gesot hunn, et musse Saachen an d'Wee geleet ginn. Mir hunn och Propositioune gemaach, mä mir hu Propositiounen am Kontext vun där Resolutioun gemaach. An dat wat déi aner Fraktiounschefe gemaach hunn, dat ass d'Resolutioun a Fro stellen, jo esouguer ze kippen, an dat fannen ech eng Prozedur, déi net tenabel ass.

Ech fannen, wa mir hei an der Chamber Resolutioune stëmmen, dat gëllt iwwregens och fir Motiounen - dat ass nach een anere Sujet, hei geet et elo ëm eng Resolutioun -, dann ass et net un der Conférence des Présidents fir eng nei Diskussioun ze féieren, an dann, Här Krecké, kann een och net driwwer schwätzen, ob mer net awer léiwer sollten eng Kommissioun asetzen oder ob een net iwwerhaapt soll d'Forces vives erausloossen. Well dat ass an där Resolutioun, déi hei gestëmmt ginn ass, ganz kloer festgehalen. Déi zwee Punkte sinn an där Resolutioun ganz däitlech dran. An da verstinn ech net, firwat déi Saache vu verschiddene Fraktiounschefen an der Conférence des Présidents einfach erëm ëmgedréint ginn.

Wéi gesot, d'Conférence des Présidents krut kloer Aufgaben an ech zielen déi nach eng Kéier op: D'Agendaë vun der Konventioun ze preparéieren, d'Interaktioun mam Public ze assuréieren, fir virun allem awer déi zweet Resolutioun ze preparéieren, vun där den Här Weiler virdru geschwat huet, wou et iwwert d'Kompositioun vun där Konventioun gaangen ass, a wou och kloer Virgabe gemaach gi woren, an dann och déi Commissions parlementaires vläicht mat engem Bréif ze invitéieren. An do hunn ech elo wierklech virdru mengen Oueren net getraut, wéi gesot ginn ass, jo d'Commissions parlementaires hunn näischt gemaach, also leeë mer deen Dossier ad acta. Firwat huet d'Conférence des Présidents nach kee Bréif un d'Commissions parlementaires gemaach a se opgefuerdert a gesot, Dir sidd gebieden Är Positioun zu deem Dossier ze huelen?

***(Interruption)***

Här President, ech mengen, mir hu jo awer eng Conférence des Présidents, déi grouss an al genuch ass.

***(Interruption)***

Här Krecké, ech kann lech déi Bréiwer weisen, déi den Här Bausch geschriwwen huet. Ech weisen lech dat herno. Wéi gesot, d'Conférence des Présidents schreift a villen aneren Dossiere Bréiwer un d'Presidente vun de Kommissiounen. Hei huet se dat net gemaach. Si ass hirer Missioun net nokomm, fir déi Resolutioun op de Wee ze bréngen.

Ech froe mech och, wéi deen Ëmgang do mat Resolutiounen a Motioune méiglech ass? Dat sinn niewent de Projets de loi, déi mer hei stëmmen, déi wichtegst Instrumenter, déi mer an der Chamber hunn. Wa mir dat Instrument net fleegen, Här President, wann déi Resolutioune keng Suitë kréien oder erëm gekippt ginn, wéi et elo de Fall ass, da kënne mer eis genau esou gutt zweemol am Mount hei treffe fir Schach ze spillen oder Heekelnomëtteger ze organiséieren, well dann huele mer eis als Chamber selwer net méi seriö. An da musse mer och einfach zu engem aneren Ëmgang komme mat deene Resolutiounen a Motiounen, déi mir hei stëmmen, wéi d'Majoritéit vun der Conférence des Présidents dat elo erëm eng Kéier virdemonstréiert huet.

Ech war ganz frou iwwert den Ufank vum Här Weiler sengem Plädoyer virdrun, well en am Fong nach eng Kéier seng Resolutioun vum Mee verdeedegt huet, mä ech verstinn eigentlech net, firwat en esou defensiv op eemol ass a seng eege Resolutioun eigentlech net méi ënnerstëtzt. Ech wär frou gewiescht, wa mer nach eng Kéier hätte kënnen dee Vote an dee grousse Konsens, dee mer am Mee haten - a wann Der déi Riede vum Mee noliest, da gesitt Der dat och - erëmhéieren. Ech sinn erstaunt, dass an engem halwe Joer Zäit op eemol d'Meenungen hei komplett changéieren.

An da fannen ech, och wann hei vun der legaler Basis geschwat gëtt vun esou engem Konvent, da kann ech nëmme staunen, well eng Rei vu Fraktiounen heibannen hunn hir Vertrieder an den europäesche Konvent geschéckt. Deen huet och keng legal Basis, mä hie gëtt awer seriö geholl, an huet herno awer eng psychologesch bindend Funktioun.

***(Interruptions)***

Neen, dat ass net komesch, Här Fayot. En huet genau esou wéineg wéi dee Konvent, dee mir hei géife schafen, iergendwou eng legal Verankerung, an trotzdeem gëtt e seriö geholl, an trotzdeem ass et e Gremium an eng Institutioun, déi herno ganz vill ka weiderhëllefen an dem Conseil des Ministres kloer Richtlinne ginn. A genau dat hätt dee Konvent och kënnte maachen, dee mir all zesummen heibannen eigentlech décidéiert haten, eng Denkfabrik ze sinn, an dofir verstinn ech och dee Sträit net, ob dat elo soll invitéiert, conviéiert an esou weider sinn. Ech mengen, dass et kloer gewiescht wär, dass dee Konvent, dee mer geschafen hätten, net hätt kënnten herno eppes Bindendes festhalen, mä en hätt awer psychologesch bindend kënnten eng Rei vu Richtlinne ginn, déi wichteg fir Lëtzebuerg gewiescht wieren.

Ech wëllt da kuerz op dem Här Weiler seng Resolutioun 2 kommen, déi e gëschter hei agereecht huet, an do kann ech nëmmen nach eng Kéier staunen, well dat wat hei proposéiert gëtt,…

Här President, ech kann net méi haart schwätzen, wéi ech dat bis elo gemaach hunn, vläicht...

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Kommt zum Schluss, Madame Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech schwätzen zum Här Weiler senger Resolutioun. Ech hu virdrun zu menger geschwat, Här President.

M. le Président.- D'Riedezäit ass dépasséiert.

***(Interruptions diverses)***

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, den Här Weiler proposéiert elo als Léisung, fir aus dem Schlamassel erauszekommen, d'Saach virun ze ginn un de Conseil supérieur pour le développement durable, deen d'Regierung jo Wëlles wär ze schafen. Eis schéngt dat e relativ duerchsiichtege Manöver ze sinn, fir sech hei aus der Affär ze zéien. Hei gëtt en Deus ex machina a Form vum Conseil Supérieur ervirgezaubert, dee jo anscheinend souwisou scho géif déi Diskussiounen do féieren, an d'Aufgab vun der Konventioun scho quasi géif iwwerhuelen.

Ofgesinn dovun, dass hei d'Chamber wierklech genau de Contraire mécht vun deem, wat se am Mee gesot huet, nämlech dass soll en Débat ënnert der Egide vun der Chamber gemaach ginn, ass esou e Conseil supérieur eng Regierungsinstitutioun. Et huet näischt mat engem Konvent ze dinn. Et huet näischt mat engem Gremium ze dinn, wou sech gläichberechtegt Partner un een Dësch setzen, wou zäitlech begrenzt eng Diskussioun gefouert gëtt, a wou e prezisen Optrag do ass, ähnlech wéi dat zum Beispill beim Rentendësch geschitt ass.

Wa mir als Chamber dem Här Weiler sengem Virschlag zoustëmmen, dann danke mir einfach of. Dat ass iwwerhaapt net méi dat, wat dem Här Weiler seng éischt Resolutioun am Mee eigentlech beinhalt huet a wat d'Chamber mat engem grousse Konsens hei appuyéiert hat, nämlech dass ënnert der Egide vun der Chamber selwer sollt en Débat stattfannen. Iwwregens hate mir scho verschidden Diskussioune ronderëm den Développement durable. D'Immigrationskommissioun huet en Débat virbereet.

Esou Saachen nach eng Kéier ze widderhuelen, dat kënne mir nach x-mol maachen, mä dat ass net datselwecht wéi e Konvent. Op alle Fall kann dee Conseil supérieur déi Diskussioun net ersetzen, an duerfir kënne mir natierlech op kee Fall déi dote Propos stëmmen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, ganz kuerz. Ech kann net mat der Madame Wagener d'accord sinn, wa se elo eis Resolutioun hei interpretéiert als eng Ofdankung.

***(Interruption)***

Da lauschtert dach emol ee Moment no. Dir verpasst näischt, andeems dass Dir lech ee Moment gedëllegt, fir emol ze lauschteren, wat ech soe wëll. Duerno kënnt Dir jo d'Wuert froen.

Et muss een dach gesinn, dass mir hei a Presenz vun enger Resolutioun sinn, iwwert där hir Exekutioun et keen Accord an der Chamber hei gëtt. Et gëtt keng Majoritéit an dësem Parlament, fir dës Resolutioun esou ze exekutéieren, wéi mir an déi Gréng dat gesinn hunn. Dat ass eng Tatsaach, dat ass eng Realitéit, dat ass keng Ofdankung. Ech wëll hei keng Schaumschléierei maachen an nach „pour la galerie“ hei irgendwellech Voten ënnerhuelen, wou mir wësse wéi d'Resultat ass.

Jiddereen huet elo kloer Positioun hei bezunn. Mir wëssen, wat d'Positioun vun deene Liberalen ass, mir wëssen, wat déi vun de Sozialisten ass a vum ADR. Leider - an dësem Fall -, Madame Wagener, huet d'CSV mat lech keng Majoritéit. Deementspriechend ass et pur Schaumschléierei, wa mir elo hei nach wëllen zu iergendwelleche Votë kommen, wou mir wësse wéi d'Majoritéit ass. Duerfir huele mir Akt dovunner, dass hei keen Accord iwwert d'Exekutioun vun dëser Resolutioun besteet. Mir weisen drop hin, dass net alles verluer ass an deem Sënn, wou mir hei kënnen op d'Regierung zréckgräifen an de Conseil supérieur déi selwecht Leit kann als Memberen invitéieren, wéi déi, déi mir gären hei gehat hätten. Deementspriechend proposéieren ech, mat Applicatioun vum Artikel 81 vun eisem Reglement, d'Prioritéit fir déi Resolutioun, déi d'Majoritéit abruecht huet.

M. le Président.- Den Här Urbany huet nach d'Wuert gefrot. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

***(Brouhaha général)***

Une voix.- Elo kënnt nach een, dee mat eis ass.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Et geet awer nach ëmmer net duer.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Dir Dammen an dir Hären, ech sti jo wuel kaum am Verdacht, dass ech wéilt d'CSV hei mat den Hoer aus enger Katastroph erauszéien an déi se d'Land gefouert hätt, vläicht am Géigesaz zum Här Gibéryen, dee sech jo a leschter Zäit zimlech oft schonn als Koalitiounspartner ugebueden huet. Vläicht huet hien duerfir keen Interesse drun, dass annerhalleft Joer virun de Wahle virum Land emol eng Kéier eng grouss Debatt gefouert gëtt iwwert d'Zukunft vum Land, wou wahrscheinlech den ADR mengt hien hätt de Monopol dovunner, fir doriwwer ze diskutéieren.

***(Interruptions diverses)***

Ech war net an där Conférence des Présidents, wou déi Décisioun do geholl ginn ass, well ech do net Member sinn. Ech muss Iech soen, wann ech do gewiescht wär, dann hätt ech selbstverständlech dofir gestëmmt, dass esou e Konvent géif agesat ginn. Den Här Weiler huet et zu Recht virdrun hei rappeléiert: Um Ursprong vun dëser Resolutioun steet eigentlech den Här Bisdorff, deen hei am Numm vun „déi Lénk" en Zukunftsdësch virun zwee Joer gefrot huet, wou en iwwregens och nach deen iwwerregionalen Aspekt mat dran abezun huet a sech net nëmmen eleng op d'Situatioun zu Lëtzebuerg beschränkt huet.

Mir sinn also prinzipiell der Meenung, dass esou eppes eng sënnvoll Saach wär, wann dat géif kommen, allerdéngs ënnert der Bedingung, dass all politesch a gesellschaftlech Forcen doranner vertratt sinn, an ënnert der Bedingung, dass eng öffentlech Diskussioun doriwwer méiglech ass. Net dass et geet wéi beim Rentendësch, wou hannert zouenen Dieren op eemol e Resultat négociéiert ginn ass. Wann esou e Gremium e Sënn soll hunn, da soll et zesumme mat alle Betraffenen an der öffentlecher Debatt geschéien. Ech mengen, dass esou eng Debatt ganz nëtzlech wär, well se Leit do mat eranzitt, déi net hei an der Chamber sinn, d'Zivilgesellschaft mat eranzitt an d'Diskussioun.

Ech sinn en Unhänger vum Parlamentarismus. Ech sinn der Meenung, dass d'Parlament dee wichtegste Gremium am Stat ass, mä mir wësse jo awer alleguerte wéi d'Praxis ass vun dësem Parlament. Mir wëssen, wat fir steril Debatten heiansdo hei stattfannen, wou just Standpunkter sech géigeniwwer stinn. Mir wëssen och a wat fir engem Eiltempo heiansdo wichteg Debatten hei gefouert ginn. Mir hunn dat jo haut nach erlieft, wou innerhalb vun enger Stonn, ech mengen, sechs Gesetzprojeten diskutéiert gi sinn. Duerfir fanne mir esou ee Konvent ganz sënnvoll. Natierlech ass dee Conseil supérieur, deen elo soll agesat ginn - wéi elo hei zu Recht dës Kéier gesot ginn ass - e Begriefnes mat dräi Hären. Dat ass am ale Stil weidergefuer. Esou Conseils supérieurs gëtt et vill. Et kënnt ni eppes dobäi eraus. An der Öffentlechkeet ginn op jidde Fall keng contraire Standpunkten diskutéiert, déi an esou engem Conseil supérieur geäussert gi wären. Et kënnt am beschte Fall herno e Bericht dobäi eraus vun enger Majoritéit. Iwwregens bleift nach d'Fro wéi dee soll zesummegesat ginn. Do stelle sech déiselwecht Froe wéi virdrun.

***(Interruption)***

Voilà. Ech mengen also, dass déi Resolutioun vun deene Gréngen, déi hei virläit, soll zur Ofstëmmung kommen. Ech mengen allerdéngs och, si soll als éischt zur Ofstëmmung kommen. Net dass erëm d'Guillotine hei spille gelooss gëtt, mä dass all Fraktioun an all Member hei vun der Chamber sech kann dozou bekennen, ob en zu deenen Iddie steet, déi do dra stinn, déi e vläicht nach virun enger Zäit selwer mat gedroen huet, oder déi en hei nach eng Kéier op der Tribün geäussert huet, mam Resultat, dass en herno eng Guillotineresolutioun stëmmt, wou dann de Standpunkt vun der Majoritéit sech duerchsetzt. Duerfir mengen ech, dass dës Resolutioun hei fir d'éischt zur Ofstëmmung komme soll, an ech wäert och dofir stëmmen. Selbstverständlech sinn ech géint déi Resolutioun vun der Regierung.

***(Interruption)***

M. le Président.- Den Här Jeannot Krecké freet nach eng Kéier d'Wuert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech stellen einfach fest: De Fait, dass Dir elo mat engem reglementareschen Trick probéiert, deene Gréngen hir Resolutioun net zur Ofstëmmung ze bréngen, weist wierklech, dass et Iech net eescht war domadder, well hei hätt Dir just misste confirméieren, wann et Iech eescht gewiescht wär, dass dat, wat Dir proposéiert hutt, soll duerchgesat ginn. Dat ass emol deen éischte Punkt.

Deen zweete Punkt: Dir probéiert elo mat engem reglementareschen Trick laanscht dat ze kommen, wat Dir selwer proposéiert. Dat muss ee sech jo emol virstellen. Eppes, wat ee selwer proposéiert huet, do probéiert Dir d'Guillotine, wat eent vun deene leschten Instrumenter ass, wat ee gebraucht am Parlamentarismus, spillen ze loossen, well Dir kee Courage hutt géint Är eege Resolutioun ze stëmmen.

Här President, wann et dem Här Weiler esou eescht gewiescht wär bei senger Resolutioun a wann e festgestallt hätt, dass de Konsens schwéier war, dann hätt hie jo kënne probéieren, e Konsens ze fannen. Et waren aner Propositiounen um Dësch. Madame Wagener, et hätt jo awer kënne sinn, dass vun do eng aner Propositioun eropkomm wär, déi de Konsens duergestallt hätt. Wann et engem eescht gewiescht wär, dann hätt een dee Konvent jo kënnen ënnert där Form maachen. Ech stelle fest, dass eng aner Propositioun zumindest um Dësch war, déi net wäit ewech ass vun där doten. Si hat ee wesentlechen Ënnerscheed. Déi Propositioun war no bäi bei där, déi Dir développéiert hutt.

Den Här Weiler an den Här Bausch hunn dat doten net gewollt. Dir hutt einfach eng Kampfofstëmmung gefrot, esou wéi den Här Weiler elo eng Kampfofstëmmung géint Är Resolutioun proposéiert, anstatt dass Dir higaange wäert a probéiert hätt e Konsens ze fannen.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- De Konsens war do. D'Conférence des Présidents hat en ze exekutéieren. Dat ass de Punkt.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Wann Dir dann Akt huelt awer dovun, dass den Här Weiler selwer net méi seng eege Resolutioun wëllt exekutéieren - dat mierkt Dir jo elo hei -, dann hätt Dir jo op en anere Wee kënne goen. Duerfir, Här Weiler, wann et Iech eescht gemengt ass, dann huelt elo keng Guillotine a stitt nach eng Kéier zu där Resolutioun, déi Dir selwer eragereecht hutt. Dir wëllt eis hei kloer maachen, dass Är Fraktioun déi ass, déi fir d'Zivilgesellschaft ass, an all déi aner, mat Ausnam vun deene Gréngen, dat net sinn. Dir sot einfach: „Ah, déi aner sinn net där Meenung. Eh bien, on passe à l'ordre du jour." Dat nennen ech gekämpft, fir eng Iddi duerchzekréien.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, et geet hei net ëm e parlamentareschen Trick, mir wenden hei d'Reglement un. Een Artikel, deen an eisem Reglement virgesinn ass. Ech wëll dem Här Krecké soen, dass ech virdrun op der Tribün hei des Laangen an des Breede fir déi Resolutioun hei agestane sinn, déi mir abruecht hunn. Mir huelen einfach Akt dovun, datt et an deem Parlament hei keng Majoritéit dofir gëtt.

Wann den Här Krecké elo seet, et wär kee Wëllen do gewiescht, fir eng aner Solutioun ze fannen: Mir haten aner Solutiounen, dat ass jo vun alle Leit och ëmmer erëm opgeworf ginn. Mir hate verschidde Kommissiounen, wou ëmmer erëm gesot ginn ass, datt dee Konvent hei iwwerflësseg ass, wat d'Kommissioun vum Marcel Glesener a wat d'Kommissioun vum Emile Calmes an där doten Aarbecht alleguerte gemaach hunn. Dat, wat proposéiert ginn ass vun där anerer Säit, wär praktesch datselwecht erëm gewiescht, wéi dat wat den Emile Calmes an de Marcel Glesener an hire Kommissioune gemaach hunn. An dat wollte mer net méi.

Mir wollten e Konvent, mir wollten e Gremium, wou déi Baussestoend kéinten als Memberen dra siégéieren. Dofir gëtt et keng Majoritéit an deem Parlament hei, an dofir proposéieren ech déi Resolutioun, sou wéi mir se proposéiert hunn, an opgrond vum Artikel 81, ze stëmmen.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet nach d'Wuert gefrot.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President.

Ech wëll mech deenen hei uschléissen, déi géint d'Guillotine schwätzen. Ech mengen, et muss een elementaart Recht hei sinn, datt eng Majoritéit respektéiert, datt eng Oppositioun oder eng Partei oder en Deputéierten hei eng Resolutioun erabréngt, déi der Majoritéit vläicht net genehm ass, an datt déi dann awer zur Ofstëmmung kënnt. Ech mengen, mir hunn och vun eiser Säit aus gesot, datt mer déi Resolutioun, déi déi gréng Kolleegen erabruecht hunn, net géife stëmmen, mä trotzdeem si mir awer der Meenung, datt se soll zur Ofstëmmung kommen.

Wa mer se net zur Ofstëmmung géife komme loossen, da loosse mer jo och am Raum stoen, datt d'Presidentekonferenz eng Décisioun geholl hätt, déi contraire zu enger Décisioun vun der Chamber wier. Well dat steet nämlech an der Resolutioun vun deene Gréngen dran.

Dofir sinn ech der Meenung, et sollt een se zur Ofstëmmung komme loossen, a se oflehnen. Domadder hätt dann och d'Parlament gewisen, datt d'Presidentekonferenz conforme zu der Resolutioun vum 8. Mee décidéiert huet.

Ech verstinn awer den Här Weiler - Fir eng Kéier! -, datt hien déi Resolutioun net wëllt zur Ofstëmmung komme loossen. Well wann den Här Weiler géif hei dergéint stëmmen, dann hätt en domadder bewisen, datt hie mat deene Gréngen an der Presidentekonferenz géint d'Resolutioun vun der Chamber gestëmmt hätt.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Madame Wagener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, mir froen de Vote électronique iwwert d'Fro vun der Prioritéit. An ech wëll och wierklech soen, dass ech dat ganz grave fannen, wat den Här Weiler elo hei proposéiert huet.

Ech fannen dat keng Aart a Weis, fir elo de Réckzuch ze organiséieren. Da soll een och zu sengen Décisiounen an zu senge Votë stoen, déi een eng Kéier geholl huet.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir hunn elo de Pro an de Kontra héieren iwwert déi éischt an déi zweet Resolutioun, d'Nummer 1 an d'Nummer 2. Den Här Weiler huet sech op den Artikel 81 beruff, dee kloer an däitlech déi Méiglechkeet virgesäit.

Jiddfereen huet d'Recht hei seng Meenung ze soen, mä wann deen Artikel net gutt ass, da musse mer en ofschafen.

***(Brouhaha général)***

An deem Artikel steet dran, dass een d'Prioritéit ka froen an dass, wann déi dann ugeholl ass an et ass ofgestëmmt, net méi iwwert déi aner Resolutioun brauch ofgestëmmt ze ginn; dann ass déi verworf.

Also mengen ech, ginn hei keng Tricke versicht. Hei gëtt op der Säit 40 den Artikel 81 vun deem Reglement, wat mir eis selwer ginn hunn a wat Der all an Ärem Tirang leien hutt, applizéiert. Dat steet do dran. Respektéiere mer eist Reglement oder net?

***(Interruption)***

Wat gelift?

Une voix.- Et kann een awer och der Meenung sinn, dass dat net dee gudde Wee ass.

M. le Président.- Jo, mä dat ass an der Rei.

***(Interruption)***

Da soll een en Antrag maachen, dass dat Reglement soll geännert ginn. Et soll een net d'Reglement esou dréinen a kéieren, dass et engem ëmmer an de Krom erapasst. Ech mengen, entweder huet een eent oder et huet ee keent.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, da stëmme mer of.

Une voix.- Den Här Krecké war oft frou, datt mer deen Artikel haten.

M. le Président.- D'Prioritéit ass verlaangt ginn opgrond vum Artikel 81. Mir stëmmen elo elektronesch of.

***(Interruption)***

Jo, mir stëmmen doriwwer of. Den Här Weiler freet d'Prioritéit fir seng Resolutioun an doriwwer stëmme mer elo of.

***Vote sur la priorité demandée par M. Lucien Weiler pour la Résolution 2***

Déi dofir sinn, also fir déi Propositioun, wéi den Här Weiler dat elo gesot huet, déi stëmme mat Jo. Déi dergéint sinn, stëmme mat Neen oder enthale sech.

D'Propositioun vum Här Weiler ass ugeholl mat 34 Jo- a 24 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Nico Loes), MM. Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Marco Schroell) et Théo Stendebach.*

*Ont voté non: M. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, mir stelle fest, dass d'Demokratie net méi ganz vill spillt an deem heiten Haus. Mir verloossen aus Protest de Sall.

M. le Président.- Jo, d'Sitzung ass och elo fäerdeg.

***(Hilarité et brouhaha général)***

Mir stëmmen dann elo nach iwwert d'Resolutioun vum Här Weiler of.

***Résolution 2***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

***Vote***

D'Resolutioun 2 ass ugeholl mat 33 Jo-, 8 Nee-Stëmmen an 11 Abstentiounen.

# NOUVELLES LOIS

## 4837 - Projet de loi

**portant approbation du sixième Protocole additionnel à la Constitution de l'Union postale universelle, de la Convention, du Règlement général et de l'Arrangement signés au Congrès postal universel de Beijing le 15 septembre 1999**

Le projet de loi porte approbation du sixième Protocole additionnel à la Constitution de l'Union postale universelle, de la Convention, du Protocole final, du Règlement général et de l'Arrangement signés au Congrès postal universel de Beijing, le 15 septembre 1999.

Le Débat général du Congrès qui avait eu lieu les 26 et 27 août 1999 avait eu comme sujet phare "le droit universel à la communication - défis et opportunités pour la poste". A l'issue du Débat général du Congrès, l'UPU a adopté la Stratégie postale de Beijing, qui constitue le document de caractère stratégique de l'Union pour les années 2000 à 2004. Elle dresse un programme d'action ambitieux et cohérent, destiné à répondre aux besoins sans cesse changeants et nécessairement exigeants des clients postaux à travers le monde. Les objectifs définis par le Congrès s'adressent aussi bien aux gouvernements, aux administrations postales et aux unions restreintes qu'aux organes permanents de l'UPU.

Parmi les modifications apportées aux textes originaux des Actes concernant les services financiers postaux, il est à soulever la fusion, le regroupement et l'harmonisation des textes originaux de tous les Actes en vigueur des services financiers postaux selon la nouvelle ordonnance des actes qui comportent actuellement l'ensemble des clauses relatives aux services des mandats de poste, des chèques postaux et des titres relatifs aux envois contre remboursement.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 30.08.2001

Rapporteur:
M. Jean-Marie Halsdorf

Travaux de la Commission des Media et des Communications (Président: M. Laurent Mosar):

| | |
|---|---|
| 23.10.2002 | Présentation du projet de loi |
| 04.11.2002 | Désignation du rapporteur |
| | Organisation des travaux |
| 25.11.2002 | Présentation et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 03.12.2002

## 4856 - Projet de loi

**relatif aux produits biocides**

Le projet de loi tout comme la directive 98/8/CE que le projet de loi est appelée à transposer en droit national partent du principe qu'en raison de la diversité de ces biocides et le caractère nocif potentiel que ceux-ci peuvent présenter, on ne doit accepter sur le marché aucune substance non évaluée. L'évaluation des risques a pour objectif de n'autoriser sur le marché que des produits biocides dont l'usage ne présente pas de risques inacceptables. L'objectif du projet de loi réside dans la protection tant de la santé humaine que de la santé animale et de l'environnement contre les nuisances des produits biocides.

Seuls les produits biocides autorisés peuvent être vendus et utilisés du moment que leurs substances actives sont reprises dans l'annexe I ou IA qui constituent en fait des „listes communautaires positives".

Afin de déterminer les substances actives utilisées dans les biocides, il est prévu que les autorités nationales des États membres, dans le concept de la subsidiarité, établissent une liste de ces substances, centralisées ensuite au fur et à mesure au niveau européen. Cette liste, outre son intérêt quant à l'application de la directive, facilitera le travail de documentation des entreprises.

Les entreprises mettant sur le marché des produits biocides doivent établir des dossiers définis dans les annexes à la directive, à savoir:

- un dossier pour les substances actives rentrant dans la composition des produits biocides;

- un dossier pour les produits biocides eux-mêmes.

Dans cet ordre d'idées, la directive prévoit dans son article 4 que les autorisations pour les produits biocides accordées dans un des États membres, doivent faire l'objet d'une reconnaissance mutuelle de la part des autres États membres

La délivrance de l'autorisation de mise sur le marché est subordonnée au respect de certaines conditions, comme notamment l'efficacité, l'absence d'effets inacceptables sur la santé de l'homme, de l'animal ou sur l'environnement. Pour l'appréciation du caractère acceptable ou non des effets susvisés, le principe de précaution tel qu'inscrit dans le traité établissant la Communauté européenne peut servir de ligne directrice.

En outre le principe de substitution implique que lorsqu'une substance active contenue dans les produits biocides utilisés dans des conditions normales donne lieu à des préoccupations sanitaires ou environnementales, celle-ci doit être remplacée si possible par une substance active à moindres risques.

Le projet de loi adopte également le principe d'une autorisation limitée dans le temps. Ainsi les autorisations sont-elles accordées pour une période maximale de dix ans à compter de la date de la première inscription d'une substance dans l'annexe I ou IA.

La clause de sauvegarde établie au niveau du projet de loi constitue également un instrument sécuritaire du fait qu'elle permet de limiter ou d'interdire l'utilisation ou la vente d'un produit biocide pourvu qu'on ait raison d'estimer que ledit produit présente des risques inacceptables pour la santé humaine ou animale ou pour l'environnement.

Reste à noter que le projet prévoit également des dispositions relatives à la publicité des produits biocides, à la confidentialité de certaines données et aux contrôles et inspections. Il prévoit également des dispositions pénales dans certains cas précis.

Dépôt par M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, le 17.10.2001

Rapporteur:
M. Marco Schroell

Travaux de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale (Président: M. Niki Bettendorf):

| | |
|---|---|
| 25.02.2002 | Désignation du rapporteur |
| 17.06.2002 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 21.10.2002 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'Etat sur le projet de loi amendé |
| 11.11.2002 | Présentation et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 13.11.2002

## 4881 - Projet de loi

**portant approbation de la Convention de Stockholm sur les polluants organiques persistants, faite à Stockholm, le 22 mai 2001**

Les POP sont des substances chimiques persistantes qui s'accumulent dans les organismes vivants et risquent de nuire à la santé des personnes et à l'environnement. Leur principale caractéristique est qu'ils se déplacent sur de très longues distances par les airs avant de retomber dans les systèmes fluviaux ou sur la végétation en quantités suffisantes pour être nocives. Les POP se concentrent dans le poisson, la viande et le lait - et dans l'organisme de ceux qui consomment ces produits.

Quatre-vingt-onze gouvernements, dont le Luxembourg, et la Communauté européenne ont adopté à Stockholm le 22 mai 2001 et signé le lendemain la Convention sur les polluants organiques persistants (POP).

La Convention, qui respecte l'approche de précaution énoncée dans le Principe 15 de la Déclaration de Rio sur l'environnement et le développement, couvre les 12 POP les plus dangereux. Elle a comme objectif principal de protéger la santé humaine et l'environnement naturel contre des polluants organiques persistants. Les Parties sont tenues de réduire ou d'éliminer les rejets résultant d'une production ou d'une utilisation intentionnelle.

Un autre objectif consiste dans la minimisation, voire même l'élimination à terme, et dans la mesure du possible, des rejets de POP produits involontairement (article 5).

En collaboration avec des organisations mondiales, régionales et sous-régionales, les Parties s'efforcent de mettre en œuvre endéans les 2 ans qui suivent l'entrée en vigueur de la Convention à leur égard, un plan d'action.

Conformément à l'article 6 de la Convention, les Parties sont tenues de prendre des mesures visant à réduire ou éliminer les rejets émanant de stocks et déchets.

Les Parties sont également invitées à s'engager davantage dans la recherche.

Même si des sanctions ne sont pas prévues, la Conférence des Parties élaborera, dès que possible, des procédures à appliquer dans le cas de non-respect des dispositions de la Convention. Les différends entre les Parties sont réglés par la négociation, l'arbitrage ou la Cour internationale de Justice.

En février 2001, la Commission européenne a présenté – en application des principes de précaution et de substitution – un Livre Blanc dans lequel elle propose une stratégie communautaire pour la future politique dans le domaine des substances chimiques.

En outre, la Commission européenne a présenté en juillet 2002 une communication concernant l'utilisation durable des pesticides. Cette communication vise à lancer une large consultation à laquelle participent toutes les parties prenantes. A l'issu du processus de consultation, la Commission élaborera, dans le courant de 2003 une stratégie thématique et des propositions législatives éventuelles.

Au Luxembourg une étude a été réalisée sur la contamination des poissons du système Alzette-Sûre-Moselle par les dioxines (PCDD), les furanes (PCDF) et les PCB.

En date du 4 juillet 2002 une motion a été déposée au Parlement invitant le Gouvernement à étendre l'étude en question sur d'autres systèmes fluviaux du pays et à considérer également d'autres contaminants potentiellement toxiques pour l'homme ou écotoxiques pour le milieu aquatique, comme des micropolluants organiques réputés être bioaccumulables ou difficilement biodégradables (pesticides, substances chlorées, etc.).

Le Luxembourg exécute déjà la Convention par le biais de certains règlements et directives communautaires.

L'on peut citer la directive 96/59/CE concernant l'élimination des polychlorobiphényles et des polychloroterphényles (PCB et PCT). Ladite directive ainsi que le règlement grand-ducal de transposition du 24 février 1998 prévoient l'élimination contrôlée des PCB, la décontamination ou l'élimination des appareils contenant des PCB et/ou l'élimination des PCB usagés en vue de leur élimination complète.

La directive 2000/76/CE sur l'incinération des déchets, pour laquelle la réglementation luxembourgeoise de transposition est en cours d'approbation, fixe une valeur limite de 0,1 mg pour les émissions de dioxines et de furanes.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 05.12.2001

Rapporteur: M. Gusty Graas

Travaux de la Commission de l'Environnement (Président: M. Emile Calmes):

| | |
|---|---|
| 15.01.2002 | Désignation du rapporteur |
| 19.11.2002 | Adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 03.12.2002

## 4930 - Projet de loi

**portant changement de limites entre les communes de Niederanven et de Sandweiler**

Par leurs délibérations respectives des 17 décembre 1998 et 27 avril 1999, les conseils communaux des communes de Niederanven et de Sandweiler ont donné leur accord à une modification de leurs limites communales. L'intervention du législateur est donc requise pour finaliser le changement de limites souhaité entre les communes de Niederanven et de Sandweiler.

L'opportunité de ce changement de limites résulte donc de l'adoption par les deux conseils communaux d'un plan d'aménagement particulier couvrant des terrains situés de part et d'autre de la limite entre ces deux communes. Les parcelles ne seront plus découpées. Chaque nouvelle parcelle sera située sur le territoire d'une seule commune, soit celle de Niederanven, soit celle de Sandweiler.

Le présent projet de loi a donc pour objet d'effectuer les transferts de surfaces nécessaires. Comme les deux aires cédées de part et d'autre présentent la même surface, l'équilibre territorial entre les deux communes n'est pas affecté.

Dépôt par M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur, le 23.03.2002

Rapporteur: M. Jean-Marie Halsdorf

Travaux de la Commission des Affaires intérieures (Président: M. Marco Schank):

| | |
|---|---|
| 01.10.2002 | Désignation du rapporteur |
| 26.11.2002 | Adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 03.12.2002


# Chamber TV

**an der Stad:** *um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (EItrona/Siemens)* **zu Esch:** *um Kanal S40 (455.25 MHz)*

**zu Déifferdeng:** *um Kanal S 29* **zu Diddeleng:** *um Kanal S 32* **an der Gemeng Nidderaanwen:** *um Kanal S 29*

## Ordre du jour

1. Communications
2. Ordre du jour
3. Dépôt d'une motion sur la situation en Iran
4. Ordre du jour *(suite)*
5. Dépôt d'une résolution
6. Dépôt d'un projet de loi
7. Dépôt d'une proposition de loi
8. Heure de questions au Gouvernement
   - Question 250 de M. Nico Loes relative à l'information du citoyen sur les dangers potentiels dans certains pays
   - Question 251 de M. Jos Scheuer relative aux horaires de travail des salariés du secteur commercial au cours du mois de décembre
   - Question 252 de M. Robert Mehlen relative au problème des pierres d'emparement pour le Musée d'art moderne Grand-Duc Jean
   - Question 253 de Mme Mady Delvaux-Stehres relative aux intentions du ministère d'abolir à partir du 2ième trimestre de l'année scolaire courante une classe terminale du Lycée technique Michel Lucius
   - Question 254 de Mme Renée Wagener relative aux expériences du projet „partageons l'égalité - Gleichheit teilen" dans l'enseignement précoce, préscolaire et primaire
   - Question 255 de M. Ben Fayot relative aux orientations des propositions des premiers ministres du BENELUX à la Convention sur l'avenir de l'Europe
   - Question 256 de M. Robert Mehlen relative à la campagne de publicité en relation avec la politique de coopération
   - Question 257 de M. Ben Fayot relative à la position du Gouvernement sur la candidature de la Turquie à l'Union européenne en vue du Conseil européen de Copenhague des 12 et 13 décembre 2002
   - Question 258 de M. Robert Mehlen relative à la situation économique extrêmement difficile des installations dites „collectives" de l'agriculture luxembourgeoise à Mersch et ailleurs
   - Question 259 de M. Ben Fayot relative aux propositions faites par le Vice-Président de la Commission, M. Kinnock au sujet du site de Luxembourg
   - Question 260 de M. Georges Wohlfart relative à la création d'un nouveau bâtiment sur un nouveau site pour le Lycée technique agricole
9. Dépôt d'une motion sur la situation en Iran
10. Motion de M. François Bausch sur la situation en Iran et

    Motion de M. Jean-Paul Rippinger sur la situation en Iran
11. Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire relative à l'approbation des comptes de l'exercice 2001 de la Cour des Comptes
12. 4881 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Stockholm sur les polluants organiques persistants, faite à Stockholm, le 22 mai 2001

    *(Rapport de la Commission de l'Environnement - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motion)*
13. Dépôt de deux propositions de loi
14. 4837 - Projet de loi portant approbation du sixième Protocole additionnel à la Constitution de l'Union postale universelle, de la Convention, du Règlement général et de l'Arrangement signés au Congrès postal universel de Beijing le 15 septembre 1999

    *(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
15. 4930 - Projet de loi portant changement de limites entre les communes de Niederanven et de Sandweiler

    *(Rapport de la Commission des Affaires intérieures - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
16. 4856 - Projet de loi relatif aux produits biocides

    *(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
17. Demandes en naturalisation

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Erna Hennicot-Schoepges, Anne Brasseur, MM. Charles Goerens et Carlo Wagner, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.00 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

### 1. Communications

Ech hunn der Chamber folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Madame Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 18 novembre 2002, le

*- Projet de loi 5049 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République slovaque sur la sécurité sociale, signée à Bratislava, le 23 mai 2002 et le projet de loi 5051 portant approbation de la Convention de Budapest relative au contrat de transport de marchandises en navigation intérieure (CMNI), faite à Budapest, le 22 juin 2001.*

Monsieur Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, a déposé en date du 19 novembre 2002 le

*- Projet de loi 5052 portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2001 et modifiant le Code des Assurances sociales et la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension.*

Monsieur François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, a déposé en date du 25 novembre 2002 le

*- Projet de loi 5053 modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum.*

A la demande du Ministre du Ministre du Travail et de l'Emploi, Monsieur François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement, a déposé en date du 19 novembre 2002 le

*- Projet de règlement grand-ducal 5054 portant douzième modification de l'annexe 1 de la loi modifiée du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses.*

Madame Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics, a déposé en date du 21 novembre 2002 le

*- Projet de loi 5055 relatif à la construction d'un Centre de musique amplifiée sur la Friche industrielle de Belval-Ouest à Esch-sur-Alzette.*

Madame Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, a déposé en date du 21 novembre 2002 le

*- Projet de loi 5056 portant approbation du Traité international sur les ressources phytogénétiques pour l'alimentation et l'agriculture, adopté le 3 novembre 2001 par la trente et unième réunion de la Conférence de la FAO*

et le

*- Projet de loi 5057 portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et l'ancienne République yougoslave de Macédoine, d'autre part, et l'Acte final y afférent et de l'échange de lettres remplaçant la signature de l'Accord, signé à Luxembourg, le 9 avril 2002.*

Monsieur le Député Alex Bodry a déposé en date du 26 novembre 2002 la

*- Proposition de loi 5058 portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières.*

3) Réunies à Bruxelles du 17 au 20 novembre 2002, les délégations des parlements européens regroupés au sein de l'Assemblée parlementaire de la Francophonie (APF) se sont penchées sur l'avenir de la langue française dans une Europe élargie, ainsi que sur la promotion du cinéma européen.

Le Luxembourg y fut représenté par Monsieur Jean Spautz, Président de la section luxembourgeoise de l'APF, par Monsieur Jos Scheuer, Trésorier de l'APF ainsi que par Monsieur John Schummer en sa qualité de Président du Parlement Benelux, accompagnés du Secrétaire général de la Chambre des Députés, Monsieur Claude Frieseisen.

L'Assemblée a rappelé que le plurilinguisme constitue un principe fondamental de l'Union européenne. Elle s'est montrée préoccupée par l'érosion progressive de la position du français pour la quasi-totalité des institutions de l'Union européenne. Consciente de l'enjeu que représente l'élargissement de l'Union européenne dans le domaine linguistique, l'Assemblée régionale Europe de l'APF demande entre autres au Bureau du Parlement européen de porter le nombre des futures langues pivot prévues dans son projet de „multilinguisme maîtrisé" à trois ou à quatre, incluant le français. Elle souhaite ainsi que le maintien du plurilinguisme dans la future Europe élargie fasse l'objet d'une réflexion institutionnelle au sein de l'Union, et spécialement dans le cadre des travaux de la Convention sur l'avenir de l'Europe.

„Nous avons un des patrimoines culturels les plus riches au monde, nous avons les idées, nous avons les talents, parmi lesquels Hollywood vient volontiers puiser. Nous avons les meilleurs réalisateurs, nous avons des techniciens hyper-qualifiés; avec nos 376 millions d'habitants qui passeront à 400 millions après l'élargissement, nous constituons le plus grand marché du monde. Mais nous sommes dominés même sur notre propre marché." C'est avec ces mots que le Député luxembourgeois Jos Scheuer, rapporteur d'une commission, a résumé la situation du cinéma européen.

Le marché du cinéma et de l'audiovisuel connaît en Europe une forte expansion, le public des salles s'accroît chaque année, l'Europe produit plus de films que les Etats-Unis, mais les œuvres cinématographiques européennes continuent dans leur majorité à connaître des difficultés de diffusion en dehors de leur pays d'origine, tant sur les écrans des salles de cinéma qu'à la télévision. L'audiovisuel européen est marginal sur son propre marché et n'a que peu de poids sur le marché mondial.

A travers une résolution proposée par la délégation luxembourgeoise, l'Assemblée régionale Europe de l'APF plaide en faveur d'un nouveau programme d'action d'aide au cinéma européen, demande aux parlements et gouvernements nationaux de prendre les dispositions législatives et réglementaires propres à renforcer les initiatives de soutien à la diffusion des films européens. Par ailleurs elle demande que soit étudiée l'opportunité de coordonner l'ensemble d'initiatives par un Fonds européen de promotion et de mettre en place une structure commune de promotion mondiale du film francophone.

4) Un groupe de travail composé des Présidents des délégations de la COSAC (Conférence des Organes spécialisés dans les affaires communautaires) des Etats membres de l'Union européenne, des pays candidats et du Parlement européen s'est réuni le 18 novembre 2002 à Copenhague. La Chambre des Députés était représentée par M. Laurent Mosar, Président de la délégation luxembourgeoise de la COSAC.

Mis en place par la XXVIIème COSAC (Copenhague, 16-18 octobre 2002), le groupe de travail a trouvé un consensus au niveau de la préparation d'un code de conduite (normes minimales indicatives) en vue de permettre un contrôle parlementaire national efficace des Gouvernements en ce qui concerne les affaires européennes et au niveau de l'intervention de la COSAC dans le contrôle de la subsidiarité. Seront également introduites de nouvelles règles de vote et de nouvelles dispositions concernant l'organisation des futures réunions de la COSAC. Il est en outre envisagé de changer la dénomination de la COSAC.

Une deuxième réunion se déroulera le 16 décembre 2002 à Copenhague afin de mettre en place un secrétariat permanent pour la COSAC et d'adopter le rapport final reprenant les conclusions du groupe de travail. Ce document sera à l'ordre du jour d'une réunion extraordinaire de la plénière de la COSAC au début de l'année 2003.

5) Le Parlement Benelux a tenu sa dernière session plénière sous la présidence luxembourgeoise les 22 et 23 novembre 2002 à Luxembourg. A partir du 1er janvier 2003, la présidence de cette Assemblée consultative passera à la Belgique. C'est alors que le président actuel, le député John Schummer, passera le flambeau à son successeur en la personne de Jean-Marie Happart, vice-président du Sénat de Belgique.

La Chambre des Députés a été représentée à cette session, outre Monsieur John Schummer, par Monsieur Ady Jung, président de la délégation luxembourgeoise, ainsi que Messieurs Jeannot Belling, Camille Gira, Jean-Pierre Koepp, Nico Loes, Madame Lydia Mutsch et Monsieur Théo Stendebach. Monsieur Henri Grethen, Ministre de l'Economie et Ministre des Transports, est intervenu au nom du Gouvernement luxembourgeois.

A l'ordre du jour figuraient notamment le 46e rapport commun des Gouvernements sur la réalisation et le fonctionnement d'une Union économique entre les trois Etats,

la Convention européenne, le contrôle du transport routier, la nouvelle convention en matière de propriété intellectuelle, le bilan de la conférence commune du Parlement Benelux et du Conseil Parlementaire Interrégional sur le thème „Migration et changements structuraux dans les ressources économiques et humaines des pays du Benelux et de la Grande Région“, le transport transfrontalier par ambulance, le bilan de la conférence parlementaire de Riga sur les drogues, la politique de la jeunesse, la coopération policière et judiciaire, les lois sur les étrangers, la coopération entre les ports et les grandes infrastructures transfrontalières, l'harmonisation des panneaux de signalisation, les constructions durables ainsi que la biotechnologie.

6) Par lettre du 26 novembre 2002 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Greffe de la Chambre des Députés le texte des résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 21 au 24 octobre 2002:

résolution sur l'importance et le dynamisme du théâtre et des arts du spectacle dans l'Europe élargie,

position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion d'un accord sous terme d'échange de lettres relatif à la prorogation du protocole fixant les possibilités de pêche et la contrepartie financière prévues dans l'accord entre la Communauté économique européenne et le gouvernement de la République d'Angola concernant la pêche au large de l'Angola pour la période allant du 3 mai 2002 au 2 août 2002,

résolution sur la communication de la Commission au Parlement européen, au Conseil, au Comité économique et social et au Comité des régions: „Sécurité des réseaux et de l'information: Proposition pour une approche politique européenne“,

résolution sur l'impact de la Charte des droits fondamentaux de l'Union européenne et son statut futur,

position sur la proposition de recommandation du Conseil concernant l'application de la législation sur la santé et la sécurité au travail aux travailleurs indépendants,

position sur la proposition de décision du Conseil approuvant, au nom de la Communauté européenne, la convention de Rotterdam sur la procédure de consentement préalable en connaissance de cause applicable à certains produits chimiques et pesticides dangereux qui font l'objet d'un commerce international,

résolution sur la stratégie de l'UE pour la Conférence de New Delhi sur le changement climatique (COP-8),

résolution sur l'évaluation et les perspectives de la stratégie de l'UE en matière de terrorisme un an après le 11 septembre 2001.

## 2. Ordre du jour

Wat déi parlamentaresch Aarbechte vun dëser Woch ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz an hirer Réunioun vum 27. November proposéiert, dass d'Chamber dës Woch mat folgendem Ordre du jour siégéiert:

De Mëtteg hu mer:

- eng Froestonn un d'Regierung;

- eng Resolutioun vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire iwwert d'Konte vum Joer 2001 vun der Cour des Comptes;

- de Projet de loi 4881 iwwert d'Stockholmer Ofkommes;

- de Projet de loi 4837, en Zousazprotokoll zu der Constitutioun vun der Union postale universelle;

- de Projet de loi 4930 iwwer eng Grenzännerung tëschent de Gemengen Nidderaanwen a Sandweiler;

- de Projet de loi 4856 iwwert d'Produits biocides an

- Naturalisatiounen.

Muer de Mëtteg stellt den Här Budgetsrapporteur Emile Calmes de Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Statsbudget vum Joer 2003 vir.

Iwwermuer, en Donneschdeg, presentéieren den Här Statsminister Jean-Claude Juncker an den Här Budgetsminister Luc Frieden hiren Exposé zum Statsbudget vum Joer 2003.

D'Wuert huet den Här François Bausch fir den Dépôt vun enger Motioun.

## 3. Dépôt d'une motion sur la situation en Iran

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, an der Motioun geet et ëm de Respekt vun de Mënscherechter am Iran. Ech wär frou, wann déi Motioun nach kéint virum 10. Dezember diskutéiert ginn, well den 10. Dezember e wichtegen Ausseminister-Conseil ass a mer frou wären, wann d'Chamber géif der Regierung den Optrag ginn, fir an der Richtung vun deem, wat an der Motioun steet, do ze intervenéieren.

***Motion***

*La Chambre des Députés,*

*considérant la situation dramatique des droits humains en Iran, notamment les nombreuses exécutions barbares et la continuation du châtiment inhumain de la lapidation de femmes iraniennes;*

*considérant l'ampleur grandissante des protestations et manifestations des étudiants et du peuple iranien, leur appel pour le respect des droits humains et pour un gouvernement démocratique séculier et laïque en Iran;*

*condamnant le rôle joué par le régime iranien sur le plan du terrorisme international, notamment par l'assassinat systématique d'opposants à l'extérieur de l'Iran et par son rôle négatif dans le conflit israélo-palestinien au Proche-Orient;*

*compte tenu du blocage systématique des réformes démocratiques par les mollahs au pouvoir;*

*préoccupé par le fait que le nom de Moudjahidines du peuple a été placé sur la liste des organisations terroristes de l'Union européenne;*

*considérant la déclaration de 150 membres du Congrès américain du 21 novembre 2002 appelant à enlever de la liste des terroristes les Moudjahedines du peuple iranien, ce mouvement étant un mouvement de résistance légitime;*

*considérant le récent appel du Conseil National de Résistance iranienne pour la constitution d'un front commun de toutes les forces luttant pour la démocratie et la laïcité, suscitant l'espoir de la société iranienne;*

*se référant à sa résolution adoptée le 21 mars 2001 sur la situation en Iran;*

*demande au Gouvernement*

*de notifier, ensemble avec ses partenaires de l'Union européenne, au Gouvernement iranien que la poursuite du développement des relations à la fois bilatérales et entre l'UE et l'Iran serait subordonnée à l'amélioration de la situation des droits humains et notamment au respect des libertés fondamentales;*

*de renforcer le processus de changement en Iran par le biais du dialogue avec l'opposition démocratique et de s'efforcer de faire supprimer le nom des Moudjahedines du peuple de la liste des organisations terroristes de l'Union européenne;*

*de déployer tous les efforts nécessaires avec nos partenaires de l'Union européenne afin de présenter une résolution condamnant les graves violations de droits humains en Iran à la Commission de droits humains de l'ONU au printemps 2003.*

*(s.) François Bausch.*

Ech hunn nëmmen eng Ënnerschréft drop gesat a wollt froen, ob déi aner Fraktiounen net och bereet wären dës Motioun ze ënnerstëtzen? Wann dat net sollt de Fall sinn, ass meng Fraktioun selbstverständlech bereet dat ze maachen.

***(Interruption)***

M. le Président.- Ass d'Chamber d'accord, fir dës Motioun op den Ordre du jour ze huelen? Wéi stellt d'Regierung sech dozou?

***(Assentiment)***

Une voix.- No der Heure de questions.

Et ass esou décidéiert.

D'Wuert huet den Här Rippinger.

## 4. Ordre du jour *(suite)*

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, ech wollt eppes zu eisem Ordre du jour soen, notamment zu dem Projet de loi iwwert d'Konventioun vu Stockholm.

Do huet d'Conférence des Présidents an hirer Sagesse gesot, dass et de Modell 0 wär, dee mer applizéiere géinge fir d'Interventioune vun den Deputéierten. Or, den Här Gusty Graas, dee Rapporteur vun deem Projet de loi ass, seet mer, dass et eng richteg Konventioun wär an dass e méi Zäit bräicht als Rapporteur, fir all déi Elementer vun där Konventioun ze exposéieren, wéi dat am Modell 0 de Fall ass, respektiv am Modell de base. Dofir géing ech proposéieren, dass d'Chamber och an hirer Sagesse géing décidéieren, dass mer de Modell 1 dofir géingen applizéieren, fir dem Rapporteur genuch Zäit ze ginn, fir kënnen dee Projet richteg ze exposéieren an dat erlaabt eis alleguer, fir vill méi kuerz ze sinn.

M. le Président.- Ass d'Chamber d'accord mat där Propositioun?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Den Här Krecké huet d'Wuert.

## 5. Dépôt d'une résolution

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här President, just fir de formellen Dépôt vun där Resolutioun ze maachen, déi op eisem Ordre du jour steet.

***Résolution***

*La Chambre des Députés,*

*vu que le réviseur des comptes de la Cour des Comptes estime dans son rapport que „les comptes annuels ci-joints donnent, en conformité avec les prescriptions légales et réglementaires en vigueur au Luxembourg, une image fidèle du patrimoine et de la situation financière de la Cour des Comptes au 31 décembre 2001 ainsi que des résultats de l'exercice se terminant à cette date“;*

*vu que la Commission du contrôle de l'exécution budgétaire a marqué au cours de sa réunion du 4 novembre 2002 son accord avec le rapport du réviseur des comptes;*

*approuve*

*les comptes de l'exercice 2001 de la Cour des Comptes.*

*(s.) Jeannot Krecké, François Bausch, Lucien Clement, Robi Mehlen, Jean-Paul Rippinger.*

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Minister Erna Hennicot-Schoepges fir den Dépôt vun engem Projet de loi.

## 6. Dépôt d'un projet de loi

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Här President, duerch Arrêté vum 29. November sinn ech vum Grand-Duc autoriséiert, fir de Projet de loi iwwert d'Université de Luxembourg ze déposéieren:

*- Projet de loi 5059 portant création de l'Université de Luxembourg.*

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vun dem Dépôt vun deem Projet de loi. De Projet de loi gëtt un déi zoustänneg Instanze weidergeleet.

D'Wuert huet d'Mme Mady Delvaux-Stehres.

## 7. Dépôt d'une proposition de loi

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP)*.- Här President, erlaabt mer eng Proposition de loi ze déposéieren, déi den Artikel 185 vum Code des Assurances sociales ofännert an dat erëm soll erlaben, wat verschwonne war am Gesetz , wat am Juli gestëmmt ginn ass, dass ee kann iwwer 65 Joer bis 68 Joer am Privatsecteur schaffen an och cotiséieren an een doduerch eventuell eng méi héich Rent kritt.

*- Proposition de loi 5060 modifiant le livre III du Code des Assurances sociales.*

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vun dem Dépôt vun där Proposition de loi, déi un déi zoustänneg Instanze weidergeleet gëtt.

Mir hunn dann eng Froestonn un d'Regierung. Den Artikel 78 vun eisem Chamberreglement gesäit vir, dass den Deputéierten zwou Minutten Zäit huet, fir seng Fro ze stellen, an d'Regierung véier Minutten huet, fir dorop ze äntwerten. D'Froe kommen ofwiesselnd vu Majoritéit an Oppositioun.

Ech wollt recommandéieren, dass jidderee sech Disziplin operleet, fir sech un déi Zäiten ze halen, déi virgesi sinn.

Déi éischt Fro ass d'Fro 250 vum Här Nico Loes un d'Ausseministesch iwwert déi potentiell Geforen a verschiddene Länner.

Den Här Loes huet d'Wuert.

## 8. Heure de questions au Gouvernement

**- Question 250 de M. Nico Loes relative à l'information du citoyen sur les dangers potentiels dans certains pays**

M. Nico Loes *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, am Kontext vun deene rezenten terrotistesche Bommenugréffer an touristeschen Héichbuergen an Asien, an Afrika an notamment op der Insel Bali an am Nigeria, Bommenugréffer, déi zu enger grousser Veronsécherung a grouss Angscht bei den Touristen a bei de Leit ervirgeruff hunn, wollt ech der Madame Ausseministesch folgend Froe stellen:

Ob et am Ausseministère eng Ulafstell gëtt oder eng Cellule d'information, wou d'Leit sech informéiere kënnen iwwer déi potentiell Geforen, déi op se lauere kënnen, wa se an esou Länner fléien? Wann dat net de Fall ass, ob soss e Ministère Informatiounen do kënnt ginn?

Ech hunn op deem offizielle Site www.mae.lu eigentlech keng Informatioune fonnt iwwer esou Saachen. Ech weess awer, dass op dem Site Internet vun den Ausseministërë vun Däitschland, Frankräich an England esou Informatioune gi ginn.

Dofir wollt ech froen, ob et méiglech wär, dass mir eis iwwer e Link u si géifen uschléissen, esou dass den normale Mënsch do kënnt déi Renseignementer kréien, déi e brauch, wann e wëllt an déi Länner fueren. Ech wär frou, wa mer dat net hunn, dass mer dat och hei am Land kënnte maachen.

Merci.

M. le Président.- D'Madame Ausseminister Lydie Polfer huet d'Wuert.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Här Deputéierte Loes merci fir déi Fro, well ech weess, datt et eng Fro ass, déi vill Leit beschäftegt. An dësen Zäite gëtt d'Welt méi kleng an do wou ee fréier gemengt huet, et wier een nach wäit ewech vun alle Problemer, gesäit een, datt et een egal wou ka mat terroristeschen Attacken treffen.

Ech wëll direkt virewech soen, datt egal wéi eng Informatioune mir kënne ginn, et natierlech awer jidder Eenzelnem iwwerlooss ass, seng Décisioun ze huelen an ze motivéieren. Mä dat wat mir kënne maachen, wat mir wëlle maachen a wat mer och nach besser wäerte maachen an Zukunft, dat betrëfft déi politesch Informatiounen, déi ee kann iwwert d'Situatioun an engem Land ginn.

Mä nach eng Kéier: Dat ass weder eng Garantie, ob an engem Land eppes geschitt oder ob näischt geschitt, well et kann och an engem Land eppes geschéien, wou ee mengt, et wier roueg. Ech erënneren nëmmen un dat wat virun engem Mount zu Helsinki geschitt ass. Wann Der do gefrot hätt op egal wéi engem Site, hätt Der bestëmmt net fonnt, datt dat e Land wier, wou een iergendwéi misst Attacke fäerten. Ech wollt dat just direkt als Aschränkung virausschécken zu deenen Informatiounen, déi mer ginn.

Wat leeft de Moment schonn? De Moment leeft schonn am Ministère vun den Affaires étrangères permanent eng Tëlefonslinn. Dat ass d'Nummer 478 23 81, déi zu de Büroszäiten accessibel ass a wou d'Leit sech kënnen Informatiounen huelen iwwert d'politesch Situatioun an engem gewëssene Land, wou se wëllen hifueren.

Wann dat Länner si wou mir direkt Representatiounen hunn oder wou et kloer ass wéi d'Situatioun ass, da kënne mer déi Informatiounen och direkt ginn. Sinn et awer elo méi ausgefale Plazen, da musse mer vläicht selwer nofroen, vu datt mir jo net iwwerall representéiert sinn, bei deene Länner, déi eis op deene Plaze representéieren. Mä, wéi gesot, ënnert där doten Nummer kann elo schonn all Mënsch Informatiounen anhuelen.

Mir kënnen natierlech och, wann eng Persoun eis eppes freet, se weiderginn un den Internetsite vun anere Ministèren. Dat geschitt de Moment zwar nach net automatesch, mä déi Propositioun, déi den Här Loes gemaach huet, ass eng ganz gutt an ech hunn och schonn Instruktioune ginn, datt mir eisen Internetsite esou sollen organiséieren, datt automatesch de Lien gemaach gëtt zu Sitë vun anere Ministërë vu méi grousse Länner, déi natierlech forcément och iwwer aner Informatioune verfügen.

Mir wäerten also d'Informatioune verbesseren. Haut kann ee sech awer schonn informéiere beim Ministère, awer nach eng Kéier, et sinn ëmmer nëmmen Indikatiounen, an de Choix fir eng Rees ze

maachen, de Risiko oder d'Freed op sech ze huelen, läit nach ëmmer bei jidder Eenzelnem.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 251 vum Här Jos Scheuer un de Mëttelstandsminister iwwert d'Aarbechtszäite beim Lëtzebuerger Handel am Mount Dezember.

Den Här Scheuer huet d'Wuert.

**- Question 251 de M. Jos Scheuer relative aux horaires de travail des salariés du secteur commercial au cours du mois de décembre**

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Chrëschtdag kënnt bestëmmt an de Mount Dezember ass ee vun deene Méint, déi an der Geschäftswelt schonn hir grouss Wichtegkeet hunn an déi och bei de Konsumenten hir Wichtegkeet hunn. Et si viru kuerzem Verhandlunge gelaf tëschent de Gewerkschaften, der Confédération du Commerce an dem Ministère, wat d'Öffnungszäite vun zwee Samschdeger ugeet, an zwar dem 14. an dem 21. Dezember. D'Gewerkschafte verlaangen, datt d'Personal bedeelegt gëtt an deem Sënn, datt se 50% Zouschlag verlaange fir déi Leit, déi op deenen zwee Samschdeger schaffe wëllen, respektiv schaffe mussen.

Ech wollt de Minister froen, wéi d'Resultat vun deenen Diskussiounen ass, déi do gefouert gi sinn, wat fir eng Konsequenzen et huet fir d'Personal, an awer och wat fir Konsequenzen déi Verhandlungen hu fir d'Ouverture um 14. an 21. Dezember vun de Geschäfter.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Mëttelstandsminister Fernand Boden.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Scheuer huet mer eng Fro gestallt iwwert d'Konsequenze fir d'Salariéë vun den Öffnungszäite vun de Geschäfter.

Ech wëll dem Här Scheuer nach eng Kéier soen, datt mer hei ganz laang diskutéiert hu beim Gesetz iwwert d'Öffnungszäite vun de Geschäfter, datt d'Öffnungszäite vun de Geschäfter an d'Aarbechtszäit an d'Aarbechtsrecht vun de Salariéen absolut näischt mateneen ze dinn hunn. Am Gesetz iwwert d'Öffnungszäite vun de Geschäfter steet nämlech ganz kloer an engem Artikel dran, datt egal wivill Stonnen d'Geschäfter op sinn, d'Aarbechtsrecht ëmmer nach duerch aner Gesetzer geregelt gëtt.

An der Theorie ka jo e Geschäft vu moies 6 bis owes 8 Auer op hunn. Dat si 14 Stonnen. Dat bedeit awer op kee Fall, datt en Aarbechter misst 14 Stonnen an engem Geschäft schaffen. Souguer wann e Geschäft zeng Stonnen op huet, vun 8 bis 18.00 Auer, heescht dat net, datt den Aarbechter muss zeng Stonnen doranner schaffen. Dat heescht, et sinn zwou getrennte Saachen, déi am Fong indirekt eppes mateneen ze dinn hunn, mä d'Aarbechtsrecht gëtt iwwer aner Gesetzer geregelt wéi dat vun den Öffnungszäite vun de Geschäfter.

Dat allgemeng zur Saach.

Wat elo méi konkret den Dezember ubelaangt, sinn ech an enger Question parlementaire gefrot gi wat ech wëllt um Virowend vun de Feierdeeg maachen. Dat huet net de 14. an 21. Dezember betraff, mä de Virowend vu Chrëschtdag a vu Silvester. Ech hunn do ganz kloer gesot, datt ech net bereet wier, wéi dat dem Gesetz no méiglech ass ze dérogéieren, fir datt déi zwee Deeg d'Geschäfter kënnten, bis no 18.00 Auer op hunn. Ech hu kloer gemach, datt ech net géing doriwwer erausgoen, au contraire, datt ech géing vermëttelen tëschent de Gewerkschaften an de Geschäftsleit, ob een net kënnt esouguer higoen an déi zwee Virowender vu Feierdeeg um 16.00 Auer d'Geschäfter zoumaachen.

Dat ass natierlech eng Saach wou d'Sozialpartner mussen zesummen diskutéieren an eens ginn. Jidderee muss e puer Konzessioune maachen. Ech muss soen, datt déi Diskussioune leider Gottes zu näischt gefouert hunn. Mir hunn an der leschter Woch nach versicht Vermëttlungen ze maachen. D'Demande vun de Geschäftsleit ass effektiv, fir de 14. an den 21. Dezember méi laang opzemaachen, an en contre-partie dann de 24. an den 31. Dezember zwou Stonnen éischter zouzemaachen.

Et ass zu kengem Konsens komm, well kee Konsens konnt fonnt ginn iwwert d'Rémunératioun vun de Salariéen, wa géifen d'Geschäfter de 14. an den 21. Dezember méi laang opmaachen.

Ech wëll dat allgemengt Aarbechtsrecht nach eng Kéier hei duerleeën, woufir ech natierlech net selwer zoustänneg sinn, mä dat allgemengt Recht ass, datt, wann en Aarbechter eng Iwwerstonn mécht, da kritt e 25% Supplément. Wann e sonndes schafft, da kritt e 70% Supplément. Mä et ginn eng ganz Rei Kollektivverträg, wou ebe just geregelt gëtt, wat soll geschéien, wann ausserhalb vun der normaler Aarbechtszäit geschafft gëtt. An do gëtt et Kollektivverträg, déi soen, datt den Aarbechter 50% bäikritt bei enger Iwwerstonn oder esouguer sonndes 100% bäikritt. Dat ass also eng Affär vun de Sozialpartner. Et war och mäi Wonsch, datt se sech géifen eens ginn, fir hei eng Solutioun ze fannen. Vü datt se keng Solutioun fonnt hunn, bleiwe mer bei der aktueller Gesetzgebung. Dat heescht, um 14. an um 21. Dezember gëtt näischt geännert par rapport zum Gesetz. D'Geschäfter mussen zoumaachen zu deenen normale Konditioune wéi se am Gesetz stinn, also um 18.00 Auer.

D'Sozialpartner hu sech awer d'Wuert ginn, fir am Laf vum nächste Joer relativ fréi zesummen ze kommen, fir eng Solutioun ze fanne fir dat wat sech all Joër am Dezember ofspillt, wou esouwuel d'Konsumente wéi och d'Geschäftsleit Intérêt drun hunn, datt d'Öffnungszäite relativ grousszügeg a gënschteg sinn, fir kënne gutt akafen ze goen, wéi dat och an de Grenzregiounen de Fall ass, a fir net eng Situatioun vu Concurrence déloyale par rapport zum Ausland ze hunn.

An ech hoffen, wéi gesot, datt mer do eens ginn. Mir wëssen, datt hei Schwieregkeete sinn, datt och Sozialwahlen ustinn, mä déi nächste Kéier ass et no de Sozialwahlen. Ech hoffen also, datt méi Versteesdemech vun alle Säiten do ass, fir zu enger valabler Solutioun ze kommen.

Ech sinn d'accord domadder, datt een ëmmer muss d'Recht vun de Konsumente kucken, d'Recht vun de Geschäftsleit, an d'Recht vun deene Leit, déi an de Geschäfter schaffen, datt déi openeen ofgestëmmt ginn. Dofir hunn ech ëmmer drop gehalen, datt mer versichen an dësem Domän esou wäit wéi méiglech eng Eenegkeet ze fanne vun de Sozialpartner mam Ministère zesummen.

***(Interruption)***

Jo, wat d'Konsequenz fir de 24. an 31 Dezember ass, hunn ech gesot: Do gëtt näischt geännert un der Gesetzgebung. Dat heescht, um sechs Auer ass spéitstens zou. Wann d'Geschäfter wëllen um véier Auer zoumaachen, dann ass do um véier Auer zou. A wann a Kollektivverträg steet, et géif um fënnef Auer zougemaach ginn, da gëtt um fënnef Auer zougemaach. D'Kollektivverträg si vu Geschäft zu Geschäft oft aneschters.

M. le Président.- Mir kommen zur Fro Nummer 252 vum Här Robert Mehlen un d'Bauteministesch iwwert de Musée d'art moderne Grand-Duc Jean. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

**- Question 252 de M. Robert Mehlen relative au problème des pierres d'emparement pour le Musée d'art moderne Grand-Duc Jean**

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, ech freeë mech iwwert dee groussen Intérêt, deen hei an der Assemblée iwwert déi Fro do ass. Wéi mer alleguer wëssen, ass et ëm dee Musée d'art moderne, a ganz besonnesch ëm déi Steng, déi sollen dran a ronderëm gebaut ginn, vill Diskussiounen a Polemik ginn. Ech wëllt awer elo net op déi Polemik weider agoen.

Mir wëssen, datt en neutralen Expert, dee vun deenen zwou Säiten unerkannt war, gesot huet, et wären där Steng, déi ausgeschriwwe waren, keng méi do. Et gëtt Leit am Ministère - an ech mengen d'Ministesch selwer -, déi vertrieden d'Meenung, et wieren där Steng dräimol méi do, wéi der géinge gebraucht ginn.

Mir wëssen, datt entre-temps näischt geschitt, datt d'Zäit leeft, an Zäit ass Geld, och fir de Stat. An dofir wollt ech d'Madame Minister froen - si hat nämlech am August ugekënnegt, déi Fro ze klären -, ob tatsächlech där Steng disponibel wären. Och huet se gesot, se géing ganz gär mat de Journalisten dee Steebroch besiche goen, fir ze beweisen, datt dat esou wär, wéi si et géing duerstellen. Dat sollt am September geschéien. Duerfir folgend Froen:

Huet déi Visite stattfonnt? A wa jo, wéi ass se verlaf? Wat sinn d'Konklusiounen aus dëser Visite? Ass bei dëser Visite erauskomm, datt déi Steng vun der Qualitéit Magny doré a genügender Quantitéit verfügbar sinn, fir de Pei-Musée fäerdeg ze maachen? A wann dat net de Fall war, wat fir eng Solutioun steet an Aussiicht?

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Bauteminister Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, op dem Här Mehlen seng Fro äntweren ech, dass déi Visite mat de Journalisten net stattfonnt huet an datt um techneschen Niveau den Dossier amgaang ass folgendermoosse verschafft ze ginn: Zwee nei Cahiers des charges fir eng öffentlech Ausschreiwung fir d'Steng, an ee Cahier des charges fir d'Pose. Esoubal, wéi déi Aarbechten ofgeschloss sinn, geet deen Dossier do säin normale Wee weider.

M. le Président.- Da komme mer elo zur Fro 253 vun der Madame Mady Delvaux-Stehres un d'Erzéiungsministesch iwwert d'Ofschafe vun enger Klass am Lycée technique Michel Lucius. D'Wuert huet d'Madame Delvaux.

**- Question 253 de Mme Mady Delvaux-Stehres relative aux intentions du Ministère d'abolir à partir du 2ième trimestre de l'année scolaire courante une classe terminale du Lycée technique Michel Lucius**

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP).*- Här President, ech hunn eng kuerz punktuell Fro un d'Ministesch: No deenen Informatiounen déi ech hunn, wär - ech soen et am Conditionnel - geplangt am Lycée technique Michel Lucius eng Treizième, a wann ech richteg informéiert sinn d'Treizième C3, vum zweete Semester dëst Joer un ofzeschafen, well nëmmen zwielef Schüler an där Klass wären.

Och wär geplangt, déi zwielef Schüler op zwou aner Treizièmen ze verdeelen, wat net nëmme fir d'Schüler vun där enger Treizième Problemer stellt, mä wahrscheinlech och vun deenen zwou anderen, well ee jo weess, dass de Rhythmus an och de Programm vun enger Klass zu där anerer verschidde sinn.

Ech mengen, et wär keng immens glécklech Décisioun eng Klass opzedeelen nodeem dräi an en halwe Mount Schoul eriwwer sinn. Ech weess och, dass déi Schüler e Bréif un d'Madame Minister geschriwwen hunn an dass also d'Décisioun nach net definitiv geholl ass. Ech wär frou, wann d'Madame Minister eis kéint soen, dass déi Klass elo net géif opgeléist ginn. Ech soe merci.

M. le Président.- D'Madame Erzéiungsminister Anne Brasseur huet d'Wuert.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn duerch e Bréif vun de Schüler gewuer ginn, dass ech sollt eng Décisioun huelen, fir eng Klass ze supprimëieren. Deem ass net esou, well deem hätt ech och ni kënnen zoustëmmen. Ech hunn de Schüler dat gëschter schréftlech matgedeelt. Wouer ass, dass bei der Schoulorganisatioun vun der Direktioun vun der Schoul d'Critèrë vum Ministère vun der Education nationale net respektéiert gi sinn. Dofir kënnen d'Schüler awer net.

Hei muss ech mech op d'Säit vun de Schüler schloen. Déi hunn hir Treizième zu 12 ugefaangen an déi mussen och d'Méiglechkeet hunn, déi Treizième zu 12 weiderzefueren, an ech hoffen, dass dat dann och zu engem Erfolleg fir si perséinlech féiert. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Mir kommen zur Fro Nummer 254 vun der Madame Renée Wagener un d'Erzéiungsministesch iwwert de Projet „Partageons l'égalité". D'Madame Wagener huet d'Wuert.

**- Question 254 de Mme Renée Wagener relative aux expériences du projet „Partageons l'égalité - Gleichheit teilen" dans l'enseignement précoce, préscolaire et primaire**

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci Här President. Jo, ech wollt eng Fro stellen zu deem Projet «Partageons l'égalité», bei deem et am Fong drëms geet, de Kanner am zaarten Alter schonn d'Iddi vun der Gläichheet tëschent Fraen a Männer méi no ze bréngen. An ech wollt drun erënneren, dass d'Regierung an hirer Ëmsetzung vum Plan d'action national Pékin plus 5, eng Rei vu Saache festgehalen hat.

Méi allgemeng war gesot ginn, datt d'Membere vun der Regierung, jiddfereen a sengem Ressort, géifen d'Mise en oeuvre vun deem Plang assuréieren, eventuell a Kollaboratioun mam Fraeministère. Dann ass gesot ginn - an ech zitéieren -, dass d'"promotion de l'intégration du genre et de la promotion des femmes dans l'ensemble des politiques d'éducation et de formation", misst geschéien, an d'"intégration de la pédagogie du genre dans les curriculas de formation du personnel enseignant". An dann deen allerwichtegste Punkt an deem heite Kontext, d'intégration des expériences et du matériel didactique élaboré dans le cadre du projet „Partageons l'égalité" dans l'enseignement précoce, préscolaire et primaire".

Bis elo ass dee Projet finanzéiert ginn ënnert dem 4. „Programme d'action communautaire à moyen terme pour l'égalité des chances entre femmes et hommes". Dat heescht eigentlech, datt vum Finanzement hier dee Projet elo ofgeschloss wär. Am Mäerz vun dësem Joer huet d'Chamber awer unanime eng Motioun gestëmmt, wou se am Fong déi Iddi vun der Regierung erëm zréckhëlt a seet, dass d'Dimension du genre soll laangfristeg an d'Curricula integréiert ginn, an dass och dee Projet „Partageons l'égalité" op de ganzen educative System soll ausgedehnt ginn, also Préscolaire, Primaire, Secondaire a Secondaire technique, an ee sech do och sollt op déi Erfahrungen an op dat Material sech baséieren, wat et scho gëtt. An, wat vläicht och ganz wichteg ass an deem Kontext, d'Ressourcen zur Dispositioun ze stellen, fir d'Ëmsetzung an d'Evaluéierung vum Projet ofzesécheren. Dowéinst wéilt ech meng Fro ganz besonnesch op de weidere Finanzement vun deem Projet axéieren.

M. le Président.- D'Madame Erzéiungsminister Anne Brasseur huet d'Wuert.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss vun hirer Fro huet d'Madame Wagener gesot, si wéilt se spezifesch op de Finanzement vum Projet „Partageons l'égalité, Gläichheet deelen" axéieren. Dat stong awer net an hirer Fro, déi se schréftlech eraginn huet, sou dass ech hir net kann op déi Fro äntwerten.

Et si ganz vill Punkten, déi ech net am Detail ka wëssen. Ech wëll awer soen, dass d'Education nationale hei matgeschafft huet, dass dee Matériel didactique mat der Hëllef vun Enseignanten ausgeschafft ginn ass an d'Phase pilote an der Schoul ugelaf ass. Dat didaktescht Material muss elo, esou wéi dat am Schoulgesetz vun 1912 steet, der Unterrechtskommissioun virgeluegt ginn. Et ass mat dësem Material d'selwecht, wéi mat all deenen aneren didaktesche Mëttelen. Dat sinn déi Äntwerten, déi ech elo ka ginn. Ech kann nach ganz gäre beim Budget Zousazinformatioune bréngen, mä déi hunn ech selbstverständlech elo net bei mer.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 255 vum Här Ben Fayot un d'Ausseministesch iwwer de Konvent. D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

**- Question 255 de M. Ben Fayot relative aux orientations des propositions des premiers ministres du BENELUX à la Convention sur l'avenir de l'Europe**

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech hu gehéiert, dass d'Lëtzebuerger Regierung an d'Premierministere vum BENELUX géife Propositiounen dës Woch erausginn, déi un de Konvent iwwer d'Zukunft vun Europa adresséiert solle ginn.

Ech hätt erwaart, dass net nëmmen déi Lëtzebuerger Membere vum Konvent, mä eventuell och d'aussepolitesch Kommissioun, virdrun dovunner au courant gesat gi wären, amplaz dass mer dat elo an den Zeitunge musse liesen. Dofir hunn ech geduecht, et wär eng gutt Geleeënheet, dës Froestonn ze gebrauchen, fir d'Madame Ausseminister ze froen ons e bëssen Opschloss iwwert déi Deklaratioun ze ginn, déi d'BENELUX Premierministere maachen. Ech huelen un, dass déi Deklaratioun an der Tëschenzäit fäerdeg gestallt ass.

M. le Président.- D'Madame Ausseminister Lydie Polfer huet d'Wuert.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass dem Här Fayot ganz sécher net onbekannt, dass et ganz einfach zur d'Traditioun gehéiert, dass d'Benelux-Partner viru wichtege Momenter zesummen e Memorandum ausschaffen. Dat hei ass net deen Éischten an et wäert

och net dee Leschte sinn. Sou wéi och d'Membere vun der Konventioun Propositioune soumettéieren, déi virdrun net ofgeschwat gi mat deem engen an deem aneren - ech hunn eng ganz interessant Propositioun virun e puer Deeg vum Här Fayot am Kader vun den Aarbechte vun der Konventioun gelies -, esou hunn d'Membere vum Benelux, d'Ausseministeren zesumme mat de Premieren, eben och wollten eng Propositioun maachen, eng Propositioun, déi sech natierlech awer aschreift an déi allgemeng Diskussiounsatmosphär, déi de Moment am Konvent virherrscht, ouni awer an den Detail kënnen a wëllen ze goen, aus deem ganz einfache Grond, well d'Diskussiounen net ofgeschloss sinn. Dat ass vläicht an deem Sënn e bëssen aneschtes wéi déi Kéiere virdrun.

Wa mer muer zesumme kommen, souwuel d'Premierë wéi d'Ausseministeren, dann ass den definitiven Text nach net fäerdeg. Dat heescht, op e puer grondsätzleche Froe wäerte mer nach eng ausféierlech Diskussioun kréien, a fir deem net virzegräifen a fir net onhéiflech vis-à-vis vun eisen Diskussiounspartner ze sinn, wëll ech elo net an den Detail goen.

Dat wat ech awer ka soen, a wat ganz einfach an den Traditioune vum Benelux ass, an ech lech domadder och wahrscheinlech näischt Neies wäert soen, ass, datt mer fir en équilibréierten institutionelle Kader wäerte plädéieren, deen an enger méi grousser Unioun awer eng effikass Aarbecht zouléisst. Fir ons ass ganz kloer d'Verstäerkung vun der Méthode communautaire a vun där Institutioun, déi dofir Garant ass, d'Kommissioun, e ganz wichtegt Element.

Ech hu virdru gesot, dat Ganzt schreift sech an d'Atmosphär vun den Diskussiounen, déi de Moment amgaange sinn, an, an ech brauch dem Här Fayot et net ze soen, well hien et ganz gutt weess. Natierlech och vun anere State kommen éischter Bestriewungen, fir dat intergouvernementaalt Element an deem neie Cadre institutionnel ze bevirdeelegen. D'Benelux-Propositioune wäerte ganz sécher net an déi Direktioun goen, an dofir ass et och wichteg, fir an dësem Moment e Rééquilibrage vun de Propositioune virzeleeën.

Et wäert also eng Kontributioun zu den Diskussiounen ginn, fir de Rôle vun der Kommissioun, déi eng Rei Propositioune mécht, ze verstäerken, fir awer och besser déi legislativ Fonctioun ze assuréieren, fir besser och d'Exekutivfonctioun ze assuréieren, fir de Rôle vun Impulsioun vum Conseil européen ze ënnersträichen an, an dat wäert natierlech ee vun deene ganz wichtege Punkte ginn, iwwert deen och nach wäert diskutéiert ginn, wéi dann elo d'Présidence vun deem Conseil soll reforméiert ginn.

Fir et direkt virewech ze soen, mir wäerten net op de Wee goen, datt eng Perséinlechkeet vu baussen dee Conseil européen soll während enger bestëmmter Zäit presidéieren. Dat ass schonn u sech e wichtege Message, dee mer ginn.

U sech hale mer fest um Prinzip vun der Rotation égalitaire, quitte datt ee sech kënnt virstellen, datt déi vläicht e bësse méi laang kënnt sinn. Net nëmme sechs Méint. Dat si Punkten, déi nach opstinn.

Fir ons ass et och ganz kloer, datt den Haut Représentant méi e wichtege Rôle soll an der Definitioun vun der Aussepolitik spillen an och dee Moment an der Representatioun vun deem Conseil, wann en a senger Fonction exécutive ass. Dat alles wäerte mer, wéi gesot, op eng équilibréiert Aart a Weis versichen duerzestellen.

Et si vill Froen, déi sech an deem Fall opdrängen. Wa géing d'Diskussioun op de Wee goen, datt een d'Présidence rotative fir all Conseile géing opginn, da misst ee jo awer versichen, en Equiliber tëschent deene verschiddene Présidencen an deene verschiddene Conseilen hierzestellen. Wéi gesot, dat do wäert muer och nach Objet vun eisen Diskussioune sinn, mä eise Wëllen ass, fir den Elément communautaire ze verstäerken an net onbedéngt dem Intergouvernemental méi eng grouss Plaz anzeraumen.

Fir eis wäert et och wichteg sinn, an dorop wäerte mer insistéieren, datt d'Associatioun vun den nationale Parlamenter eng ganz kloer Plaz an deem neie Cadre institutionnel kritt, an datt eben d'Parlamenter besser informéiert sinn a méi schnell, an och hir Mathëllef an der Ausaarbechtung eng Plaz kritt.

Wat de Cadre institutionnel, fir no bausse besonnesch d'Aussepolitik duerzestellen, ugeet, wat jo vun alle Säiten als ee vun deene méi schwaache Punkten duergestallt gëtt, wäerte mer d'Fonctioun vum Haut Représentant esou virschloen, wéi mir se eis op alle Fall kënnte virstellen, datt en an der Kommissioun à moyen terme integréiert ass, an och dee Moment mat deenen néidege Moyenen ausstaffëiert gëtt, fir Décisiounen ze proposéieren an ze huelen

Ech hoffen, datt mer muer den Owend zu engem Konsens an deene Propositioune kommen, an datt doropshin mer och mat Partner vun anere Länner wäerten op d'mannst een Equiliber zu anere Propositioune kënnen hierstellen. Mä datt dat net den Endschloss vun deenen Iwwerleeungen ass, déi souwuel am Konvent gemaach ginn, wéi eben och duerno an der CIG, dat ass ganz sécher, an ech géing mech freeën, wa mer an der Commission des Affaires étrangères, wou mer méi Zäit hätten, fir dat méi am Detail ze diskutéieren, eng Kéier géingen duerchhuelen.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 256 vum Här Robert Mehlen un de Kooperatiounsminister iwwer eng Informatiounscampagne fir d'Entwécklungshëllef. D'Wuert huet den Här Mehlen.

**- Question 256 de M. Robert Mehlen relative à la campagne de publicité en relation avec la politique de coopération**

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Merci Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg ass eent vun deene Länner, déi am meeschten an d'Ëntwécklungshëllef investéieren. Mir wëssen alleguer, datt mer déi 0,7% vum PIB schonn iwwerschratt hunn, an datt et d'Intentioun vun der Regierung ass nach doriwwer erauszegoen. Dat alles ass och, mengen ech, heibannen an dëser Enceinte net kontestéiert. Et gëtt Leit, déi dat méi genau berechent hunn, déi soen, am Ganze misst d'industrialiséiert Welt 2% vum PIB an d'Entwécklung stiechen, fir laangfristeg en Equiliber op der Welt hierzestellen.

Wéi gesot, dat ass net d'Thema. Zënter enger gewëssener Zäit muss ee feststellen, datt d'Regierung eng Publicitéitscampagne a verschiddenen Zeitunge lancéiert huet. Et geet awer, wann een déi Annoncë kuckt, liest an interpretéiert, net richteg draus ervir, wat domat bezweckt gëtt. Et ass keen Opruff un d'Leit, fir ze spenden, et ass och kee Kont an deenen Annoncen. Et huet een iergendwéi d'Gefill, wéi wann d'Regierung bei der Populatioun dobaussen ëm Verständnis fir hir Kooperatiounspolitik wëllt werben, e Versuch fir d'Aktioun vun der Regierung ze justifiéieren.

Et ka sinn, datt dat Gefill täuscht. Dofir wollt ech den Här Minister froen, wat bezweckt hie mat dëser grouss ugeluegter Campagne publicitaire? Mengt d'Regierung wierklech, dat wär dobaussen esou kontestéiert, datt se hir Kooperatiounspolitik misst öffentlech rechtfertegen? Wa jo, woufir?

Da wollt ech froen, no wat fir enge Kritäre sinn déi Zeitungen erausgesicht ginn, well ech kennen der, déi och nawell interesséiert wären, fir esou eng Annonce ze kréien. Wat soll déi Aktioun insgesamt kaschten a virun allem, aus wat fir engem Budget gëtt se bezuelt? Geet se éierewéi op d'Käschte vun de Kreditter, déi fir d'Entwécklungspolitik virgesi sinn?

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Kooperatiounsminister Charles Goerens.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung huet absolut net de Besoin, fir sech ze rechtfertegen an där Campagne, well d'Regierung gëtt enger Motioun vun der Chamber Folleg, déi hei och schonn e puermol adoptéiert ginn ass, wou drasteet: „A mettre en oeuvre le plus rapidement possible une telle campagne de sensibilisation, telle qu'elle a été demandée dans la motion de la Chambre". Dat ass vum 11.2.1999. Eng ähnlech Motioun ass schonn 1995 adoptéiert ginn. Et ass, fir där doter Saach Suite ze ginn, ënner anerem, wou mir dat do maachen.

Rechtfertegen neen, explizéiere jo. Et ass keng Campagne de publicité, et ass eng Campagne de sensibilisation. Ech wëll hei soen, wourëm et geet.

Wie gëtt ugesprach? De grand public ass cibléiert. Ech mengen, et kann een net hei zu Lëtzebuerg mëttelfristeg ustriewen op 1% öffentlech Zouwendunge par rapport zum Produit intérieur brut ze kommen, ouni de Leit ze erklären, wourëm et geet, firwat datt mer Entwécklungspolitik maachen, u wien se sech adresséiert, wien d'Acteure sinn, a wat och hire längerfristegen Enjeu ass.

Ech gleewen, datt et an dëser Géigend vun der Welt nëmme ka gutt goen op laang Siicht, wann et am Oste besser geet wéi elo, a wann et am Süden och besser geet wéi elo. Mir hu genuch Referenze fir ze weisen, datt déi Situatiounen am Ausland, deene mer net begéinen, net neutral sinn op ons selwer, an och net op d'Sécherheet vun de Leit. Et brauch een nëmmen un den 11. September ze erënneren, fir ze kucken, wat fir en Opdriff all déi Rattefänger kréien, déi op enger Toile de fond de misère économique an de détresse versichen hir Botschaft unzebréngen. Wourëm geet et? Et geet hei ganz konkret drëm, fir zu Lëtzebuerg d'Entwécklungspolitik an de Geeschter an an den Häerzer vun de Leit ze ancréieren. Et ass enorm wichteg, datt mer wëssen, firwat datt deen Effort gemaach gëtt. Et ass wichteg, dass mer d'Akteure kennen. Et ass wichteg, dass jiddfereen, well jiddfereen ass jo als Steierzueler ee vun den Akteure vun där Entwécklungspolitik, weess, firwat mer deen Effort do maachen.

Zweetens ass et, menger Meenung no, wichteg dorop hinzeweisen, dass déi Sensibilisatiounscampagne an dräi Phase leeft. Déi éischt Phas ass elo amgaang. Et ass déi, op déi den Här Mehlen sech referéiert huet. Dat ass eng allgemeng Informatioun iwwert dat, wat gemaach gëtt, iwwert d'Secteuren an deenen intervenéiert gëtt. Déi zweet Phas leeft de Februar un a geet bis de Summer. Da gëtt méi konkret gewisen, wat an deenen eenzelne Projete gemaach gëtt. Dann ass geplangt ab dem Summer 2003 eng drëtt Phas hannendrun ze hänken, wou mer da wierklech an d'Déift gi vun der Thematik, wou iwwert d'Kohärenz vun de Politicke geschwat gëtt, wou och gréisser Débaten organiséiert ginn, a wou alleguer déi Akteuren, déi hei am Land sinn, ënnert enger strukturéierter Form kënnen deelhuelen un där ganzer Presentatioun.

Déi Kreditter, déi bereetgestallt ginn, fir déi Campagne ze maachen, 400.000 Euro, ginn net op d'Käschte vun anere Projeten. Déi Projeten huet d'Chamber selwer gestëmmt d'lescht Joer. Engersäits huet se eng Serie vu Kreditter gestëmmt fir d'ONGen, datt déi hir eege Sensibilisatiounscampagne maachen. Déi aner Kreditter si fir de Ministère. Een Deel vun deene Kreditter ass d'lescht Joer gelaf an d'Promotioun vun dem Carnaval des cultures, dee jo eng Connotatioun vun Entwécklungspolitik huet, a wéi gesot, elo geet dat an déi Campagne de sensibilisation. De Rapport annuel, deen Dir all Joer kritt, gëtt iwwregens vun deemselwechte Kredit iwwert d'Sensibilisatioun bezuelt.

Déi drëtt Fro, Här Mehlen: Kënnt Dir mir vläicht nach soen, wéi déi war?

M. Robert Mehlen *(ADR).*- No wéi enge Kritären hutt Dir d'Zeitungen erausgesicht?

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Mir hunn am Prinzip déi sämtlech Press kontaktéiert, déi Bénéficiaire ass vun der Aide à la presse. Un eng spezialiséiert Zeitung vun enger ONG, déi sech selwer ganz vill mat Entwécklungspolitik ofgëtt an déi en Effet multiplicateur gëtt, dee mer als opportun jugéieren, hu mer och Wëlles Appel ze maachen. De Cercle des bénéficiaires ass deemno no engem objektive Kritär festgeluegt ginn. Sollte mer ee vergiess hunn, deen awer wierklech kéint e Plus par rapport zu där Campagne hei bréngen, da wier ech ganz dankbar, wann deen een oder deen anere mir géing dee signaléieren.

D'Campagne leeft iwwert d'geschriwwe Press. Mir haten eng Campagne an den Abribussen. Si fänkt deemnächst un an de Kinoen ze lafen an op der Televisioun. Op der Televisioun allerdéngs nëmme während enger ganz kuerzer Phas. Et ass och dru geduecht ginn, fir d'nächst Joer en Envoi à tous les ménages ze maachen, wou d'Grondorientatioune vun der Entwécklungspolitik presentéiert ginn.

Här President, ech wëll ofschléissend vun der Geleeënheet profitéieren, fir ze soen, datt dat hei wierklech net op d'Käschte vu Kreditter geet, déi an d'Entwécklungsländer investéiert ginn, mä heivu gëtt sech e Plus erwaart. Et ass keen Appel de fonds, deen heimat viséiert ass. Dat hei ass e Versuch, fir d'Entwécklungspolitik an de Geeschter an an den Häerzer vun de Lëtzebuerger ze ancréieren a fir domadder d'Disponibilitéit, fir sech an d'Entwécklungspolitik ze investéieren oder fir Gelder, fir d'Entwécklungspolitik bereetzestellen, ze vergréisseren. Iwwregens gëtt dat och vum ONG-Milieu esou gesinn. Déi, déi den Här Poos e Sonndeg den Owend op der Televisioun gesinn hunn, déi hu gemierkt, datt dat vun den ONGe selwer esou gesi gëtt.

Mir sinn dat Land, wat ongefeier am allermannste vu sengem Budget, dee fir d'Kooperatioun geduecht ass, am eegene Land hänke léisst. Mir hunn den niddregsten Taux d'aides liées. Dat heescht vun all deene Suen, déi investéiert ginn am Kader vum Entwécklungsberäich, geet de Gros vun de Suen an dee Beräich. A wann ee wierklech d'Suen am Land selwer léisst, da muss ee scho ganz zolidd Argumenter hunn, wéi déi, déi ech elo opgefouert hunn, fir esou eng Affektatioun ze rechtfertegen.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 257 vum Här Ben Fayot un d'Madame Ausseminister iwwert de Bäitrëtt vun der Türkei an d'Europäesch Unioun. D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

**- Question 257 de M. Ben Fayot relative à la position du Gouvernement sur la candidature de la Turquie à l'Union européenne en vue du Conseil européen de Copenhague des 12 et 13 décembre 2002**

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Merci, Här President. Mir hu gesinn, datt den Här Statsminister an d'Madame Ausseminister de Chef vun der tierkescher Partei AKP ëmfaangen hunn, déi Partei, déi jo d'Wahlen an deem Land gewonnen huet.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Dat ass eng islamesch Partei, déi awer och verglach gëtt mat enger chrëschtdemokratescher Partei. Ech hu gesinn, datt den CSV-Politiker Juncker géif ënnerstëtzen, dass d'AKP an d'Chrëschtdemokratesch International, an d'europäesch Vollekspartei...

Ech kann net derfir. Dat ass de Mikro, Här President. D'Membere vun der Regierung soen, si géifen net gutt genuch héieren, wann ech schwätzen. Ech weess net, ob ech net däitlech genuch schwätzen. Vläicht misste mer de Mikro e bësse méi opdréien?

M. le Président.- D'Assemblée soll roueg sinn, da versteet een lech besser.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Ech wollt soen, just fir déi Partei ze situéieren, dass jo vum CSV-Politiker Juncker ënnerstëtzt gëtt, dass déi Partei an d'Chrëschtdemokratesch International soll opgeholl ginn an an d'europäesch Vollekspartei.

Den Objet vu menger Fro ass awer, wéi d'Haltung vun der Lëtzebuerger Regierung beim nächste Sommet zu Kopenhagen iwwert d'Kandidatur vun der Tierkei ass. Ech hunn, opgrond vun där Pressekonferenz no deem Besuch, eng Partie Saache gelies, déi mech awer net befriddegen.

Den Här Juncker huet zum Beispill gesot: „Die Fixierung eines Datums" - dat ass jo d'Fuerderung vun der Tierkei, fir e prezisen Datum fir d'Verhandlungen ze kréien - „kann unter verschiedenen Formen erfolgen". Ech weess net richteg, wat dat heescht. Et gëtt weider gesot: „..., dass Luxemburgs Engagement ultraklar sei". Do wär ech interesséiert ze wësse wéi kloer, dass dat ass. Da soll d'Devis an deem Ganzen, wat ons Haltung ugeet, heeschen: „Helsinki plus, Giscard minus." No all deenen Ausspréch hunn ech geduecht, et wier vläicht interessant, wann d'Regierung ons objektiv a kloer géing soen, wat fir eng Haltung si elo zu Kopenhagen géif anhuelen. Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir direkt op déi Fro ze äntwerten, déi den Här Fayot zum Schluss gestallt huet, kann ech soen, dass d'Regierung wäert eng Haltung anhuelen, déi crédibel ass mat deenen Engagementer, déi d'Europäesch Unioun vis-à-vis vun der Tierkei, net nëmmen an deene leschte Jore mä schonn an deene leschte Jorzéngte geholl huet, awer virun allem en accord mat deenen Décisiounen, déi 1999 zu Helsinki geholl gi sinn.

Wat hu mer zu Helsinki décidéiert? Mir hunn zu Helsinki décidéiert, dass d'Tierkei de Statut vu Kandidat kréich, ouni dass awer d'Né-

gociatioune géingen ugoen. Firwat? Ma well eng Rei vu Kritären, déi faméis Kopenhagener Kritären, wou besonnesch déi politesch Kritären net erfëllt waren a villes nach drun ze schaffe war.

Wann een elo op déi dräi Joer zréckkuckt, da muss ee ganz roueg a ganz sachlech feststellen, dass an deenen dräi Joer villes an der Tierkei geännert huet. Besonnesch an dësem Joer sinn eng ganz Rei Reformen op d'mannst vum Parlament gestëmmt ginn, déi genau an déi Richtung ginn, wéi d'Europäesch Unioun a mir selwer dat ëmmer gefuerdert hunn: sief dat d'Abolitioun vun der Doudesstrof, Reformen am Kader vun der Liberté de presse, vun der Liberté d'association, wou de Kurden d'Recht zougestane gëtt an hirer Sprooch kënne Schoul gehal ze kréien oder Emissiounen ze maachen. Dat sinn alles Saachen, wou mer virun dräi Joer nach net gemengt haten, dass dat méiglech wier.

Wann ech soen, dass mir eng crédibel Haltung wäerten anhuelen, da mengen ech, da muss d'Europäesch Unioun dat do unerkennen. Dat ass dee Plus par rapport zu Helsinki, well zënter Helsinki ass munches geschitt. Zu Kopenhagen wäerte mer awer knapp feststellen, dass schonn alles geschitt ass. Et geet, wéi mer alleguer wëssen, net duer e Gesetz an enger Chamber ze stëmmen, et muss duerno d'Mise en oeuvre dovun erfollegen. Hei bleiwen eben nach eng ganz Rei Saache vun den tierkesche Politiker a vun deem Vollek ze maachen.

Wéi mer elo dat do appréciéieren, wéi schnell dat geet, déi Engagementer, déi d'Tierkei selwer geholl huet oder d'Regierung. Dat wäert effektiv Objet vun Négociatioune sinn.

Ech mengen, d'Europäesch Unioun wäert gutt drun doen, e geschlossent Bild zu Kopenhagen ze ginn, wa mer der Tierkei engersäits mussen dat unerkennen, wat se gemaach hunn, a wa mer op der anerer Säit awer kloer de Message wëlle ginn, datt nach munches ze maachen ass. Dat kann ee verstoen ënnert deem, wat de Premier gesot huet: „Et kann een e Programm opsetzen, en Timing, oder wéi an der moderner politescher Terminologie gesot gëtt eng Roadmap, wou gesot gëtt: Dat do, an dat do, an nach dat anert misst gemaach ginn, a wann dat an dat gemaach ass, da kann een ufänken ze négociéieren. Dat ass eppes aneschters, wéi en Datum ze fixéieren. Déi eng schwätze vun 2003, déi aner vun 2004, anerer vun 2007. Ech mengen net, datt et der Saach ganz förderlech ass, wann een all déi verschidde Propositiounen op den Dësch leet a seet: Da gëtt ugefaangen".

Fir ons ass et wichteg, dass een éierlech mat der Tierkei schwätzt, an datt een d'Problemer kloer op den Dësch leet, déi et nach gëtt. Ee vun deene Problemer, an dat hu mer dem Här Erdogan, deen hei war, ganz kloer gesot, ass zum Beispill d'Plaz, déi de Militaire nach an deem politesche Stat anhëlt. Wa mer déi Problemer ganz kloer mat hinne kënnen uschwätzen, a wa mer ganz kloer gesinn, datt déi Gesellschaft sech op dee Wee begeet, dee mir als dee gesinn, deen och eis fundamental Valeure charakteriséiert, ech mengen, da muss een dat unerkennen.

An deem Sënn wäerte mer zesumme versichen eng kloer Sprooch mat der Tierkei ze schwätzen. Niewendru si jo nach eng Rei Problemer um Dësch - déi sinn Iech beschtens bekannt -, wou natierlech d'Tierkei wäert kënnen ënner Beweis stellen, wéi éierlech et hir domadder gemengt ass, fir als Partner mat eis eng Rei Problemer ze diskutéieren.

Ech brauch se net ze énuméréieren, Dir kennt se. Dat sinn d'Problemer, déi mer an der gemeinsamer Verteidigungspolitik um Niveau vun der Kollaboratioun vun der Europäescher Unioun mat der NATO hunn, a wou d'Tierkei eng Rei Problemer nach gesäit. Dat ass de Problem vun Zypern. Alles dat si Sujeten, déi mer an enger, hoffentlech, grousser Oppenheet an Éierlechkeet zesumme wäerte kënne beschwätzen, fir dann deementspriechend och kënnen Décisiounen zesummen huelen.

Et ass net u mir hei ze interpretéieren, wat de Premier ënnert „jusqu'à moins" verstanen huet. Ech mengen, awer kënne relativ kloer ze interpretéieren, datt dat heescht, datt Aussoen, déi fundamental soen: „en net chrëschtlecht Land huet net seng Plaz an der Unioun", mir déi Aussoen als Regierung net deelen. Esou hunn ech et op alle Fall verstan. Domat kann ech nëmme ganz d'accord sinn.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 258 vum Här Robert Mehlen un den Ackerbauminister iwwert d'Situatioun vun de landwirtschaftleche Kollektivbetriber. D'Wuert huet den Här Mehlen.

**- Question 258 de M. Robert Mehlen relative à la situation économique extrêmement difficile des installations dites „collectives" de l'agriculture luxembourgeoise à Mersch et ailleurs**

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Merci, Här President. Zréck vum europäesche Parquet an d'Ländchen, an zwar an d'Landwirtschaft.

Här President, d'Ariichtunge vum Agrocenter zu Miersch sollen - esou gëtt ëmmer gesot - de Lëtzebuerger Bauere gehéieren. Ob dat de facto esou ass, dat ass nach ze beweisen, mä sécher ass, dass d'Lëtzebuerger Bauere per Gesetz an Arrêté grand-ducal forcéiert gi sinn duerch Zwangsabgaben, et kann een och soen Taxen, zum Bau vun deenen Ariichtungen zu Miersch bäizedroen. Mä net nëmmen d'Baueren am Allgemengen, mä och d'Steierzueler hu gewalteg Zommen an dës Ariichtungen investéiert. Doraus ergëtt sech en Intérêt public bei deem, wat an deenen Ariichtungen do passéiert.

D'Bilanen vun deene Sociétéiten, déi an deenen Ariichtungen operéieren, weisen zënter laange Jore schwéier Perten op, déi sech zu engem héije Scholdebierg ugeheeft hunn. Glafwierdegen Informatiounen no belafe sech d'Verbindlechkeete bis zu enger Héicht vu 40 bis 50 Milliounen Euro oder 1,6 bis 2 Milliarde Frang.

D'Fro, wéi laang dat nach geet, steet de Moment konkret am Raum a gëtt dobaussen diskutéiert. Et ass evident, dass dës Fro souwuel d'Bauere wéi d'Belegschaft vun dësen Ariichtungen intensiv interesséiert a beschäftegt. Duerfir meng Froen un de Minister:

Ass den Här Landwirtschaftsminister iwwert dës alarmant Situatioun informéiert?

Ass d'Regierung der Meenung, dës Situatioun bräicht si net ze interesséieren, well et sech leschten Enns méi oder wéineger ëm privat Entreprisen handelt, oder ass d'Regierung schonn amgaang ze iwwerleeën, wéi een an dësem Secteur dat Schlëmmst kënnt verhënneren? Huet si eventuell e Konzept, fir dëse Problem ze léisen?

Huet d'Regierung eventuell budgetär Mëttele virgesinn oder zur Verfügung, fir en faveur vun dësem Secteur en détresse ze intervenéieren?

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Landwirtschaftsminister Fernand Boden.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et ass jo net fir d'éischt, dass den Här Mehlen hei iwwert déi alarmant Situatioun an der Landwirtschaft a besonnesch an deenen Installatiounen, déi him esou staark um Mo leien, schwätzt, an da mengt, den Dag drop wären se schonn net méi do.

Ech wëll just soen, datt den Agrarminister iwwer Gesetz ka Bäihëllefe ginn, wann eng Société Investitioune mécht. Dat ass am Agrargesetz ageschriwwen. Dat zielt och an anere Secteuren. Wann eng Industrie hei am Land investéiert, da kann se vum Stat Gelder kréien. Dat bedeit awer net, datt de Stat sech da kann an d'Gestioun an an de Bilan vun där Entreprise amëschen. Hie muss just kucken, ob déi Infrastrukuren, déi gemaach ginn, der Landwirtschaft oder deem Secteur förderlich sinn, an deemno wéi dat ass, kann e Subside ginn oder net.

Ech wëll op jidde Fall soen, datt d'Agrargesetz d'Méiglechkeet schaaft, fir alle landwirtschaftleche Genossenschaften a Kooperativen ze hëllefen, wa si investéieren. Ech mengen, datt landwirtschaftlech Gesellschaften a Kooperativen, déi staark sinn, nëmmen am Intérêt vun der Landwirtschaft kënne sinn. Ech kann lech eent soen, datt et mäi Bestriewen ass, fir déi landwirtschaftlech Genossenschaften a Kooperativen ze stäerken, well domadder gëtt d'Situatioun vum Bauer um Marché och gestäerkt.

Ech wëll hei betounen, datt déi Leit, déi viru méi wéi 40 Joer den Agrocenter geschafen hunn, Wäitsiicht bewisen hunn, well se erkannt haten, datt de Bauer nëmmen esou staark ass, wéi hien a staark Genossenschaften a Kooperativen agebonnen ass, déi um Maart selwer eng gewësse Stäerkt hunn.

Wat gesäit een haut iwwerall um Marché? Et gesäit een eng gewësse Konzentratioun. D'Distributioun gëtt ëmmer méi staark.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Den Handel gëtt ëmmer méi staark. Et sinn ëmmer méi grouss Gruppen, déi de Maart diktéieren. Wien ass dat schwächste Glidd ginn? Dat ass d'Landwirtschaft, well se net déi Konzentratioun an déi Stäerkt konnt opbauen, fir där anerer Stäerkt entgéintzewierken. Et sinn haut dach déi grouss Distributiounsgruppen, déi am Fong de Präis vun den Agrarprodukter diktéieren. Et ass dach haut déi grouss Distributioun, déi am Fong hëlleft décidéieren, wat an d'Regaler vun de grousse Geschäfter kënnt.

Wann de Präis no ënne geet, da sinn d'Baueren déi éischt, déi bei mech kommen a soen: Lauschtert emol, hei gëtt erëm um Bockel vum Bauer gespuert. De Konsument muss nach eemol esou vill wéi d'anert bezuelen, mä de Bauer kritt ëmmer manner. Wuerfir? Ma well hien net genuch an d'Vermaartung mat agebonnen ass an net eng Force um Maart duerstellt. D'Kollektivitéiten, d'Kooperative solle maachen, datt de Bauer sech esou strukturéiert, datt hie méi Gewiicht huet, méi Méiglechkeeten huet an der Veraarbechtung an an der Vermaartung matzeschaffen, an esou e méi gerechten Undeel un deem Präis huet, deen de Konsument bezilt.

Dat ass den Objektiv vun de kollektiven Ariichtungen. Ech géif scho mengen, datt dat deen eenzeg richtege Wee ass, besonnesch hei zu Lëtzebuerg. Mir wëlle Qualitéit produzéiere fir de regionale Maart. Fir datt mer d'Produkter gutt um Lëtzebuerger an um regionale Maart lass ginn, brauche mer Kooperativen a Kollektivitéiten, déi dat op eng gutt Aart a Weis maachen.

Ech menge schonn, datt vill Leit erkannt hunn, datt besonnesch an der Landwirtschaft, déi schonn net dat stäerkste Glidd um Maart ass, d'Opspléckung, de Sträit an den Näid, keen Avantage sinn, mä am Contraire, datt dat en Désavantage ass. Et muss een alles maachen, fir do méi Eenegkeet ze kréien. Ech hunn ëmmer dofir plädéiert, an ech wäert och weiderhin e Befürworter sinn, datt d'Leit sech zesummen dinn, fir iwwert déi Zwistegkeeten, déi Onebenheeten, déi bestinn, ewechzekommen, fir mateneen ze schaffen, fir sech zesummen ze doen an doduerch méi Stäerkt um Maart ze kréien.

Ech héieren - dat sinn déi Echoen, déi ech op jidde Fall am Moment kréien -, datt an der Lëtzebuerger Bauereschaft sech Gewerkschaften, Genossenschaften an aner Leit zesummesetzen, …

***(Interruption)***

Och d'Wënzer.

… fir déi Géigesätzlechkeeten ze iwwerbrécken a fir zu enger méi grousser Gemeinsamkeet ze kommen, fir munch Saachen, déi haut e puermol dorëmmer bestinn, zesummen ze doen, fir kënne méi effikass a méi rationell um Maart ze schaffen.

Dat ass dat wat d'Regierung wëllt ënnerstëtzen a mir wäerten eis och net dovun ofhale loossen, fir dat ze maachen.

Iwwert d'Agrargesetz hu mer Méiglechkeeten, fir an déi Richtung do ze agéieren.

M. le Président.- D'Fro Nummer 259 kënnt vum Här Ben Fayot un d'Ausseministesch iwwert dem Här Kinnock seng Virschléi fir de Standort Lëtzebuerg. D'Wuert huet den Här Fayot.

**- Question 259 de M. Ben Fayot relative aux propositions faites par le Vice-Président de la Commission, M. Kinnock au sujet du site de Luxembourg**

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Merci, Här President.

Den Här Kommissär Kinnock war de 27. November zu Lëtzebuerg bei der Madame Ausseminister. Um Enn vun dëser Visite ass och e Communiqué erauskomm, wou op eng rassurant Manéier gesot ginn ass, d'Kommissioun géif zu Lëtzebuerg consolidéiert an entwéckelt ginn. Et géif och keen Départ vu Personal stattfannen, deen net volontär wär. Et wär esouguer eng Perspektiv, fir weider Personal op Lëtzebuerg ze kréien. Et wär erstaunlech wann dat net wär, wa mer iwwert d'Erweiderung schwätzen.

Ech wëll awer soen, dass et jo beim Personal grouss Inquiétudë gi wat d'Restructuratioun vun de Kommissiounsservicer zu Lëtzebuerg ugeet. Dir wësst, dass d'Personal Propositioune gemaach huet, fir zesummenhänkend allgemeng Servicer, also Generaldirektiounen, zu Lëtzebuerg vun der Kommissioun ze kréien, wou och d'Mobilitéit vum Personal interessant ass, d'Carrièrë vum Personal méiglech sinn, wat och fir Lëtzebuerg interessant ass, du point de vue politique a wat och interessant Aktivitéite ronderëm déi Generaldirektiounen erméiglecht, ob dat an der Wëssenschaft ass, an der Gesondheet oder soss Aktivitéiten.

Dofir wollt ech d'Madame Minister froen, ob et an déi Richtung geet oder ob et an d'Richtung geet vu méi klengen Agencen oder vu Stécker vu Servicer vun deene grousse Generaldirektiounen, déi zu Bréissel ugesidelt sinn a wou mer am Fong geholl ëmmer Perdant si wat d'Soliditéit vum Site Lëtzebuerg an där Hinsicht ugeet.

Ech wär frou, wann d'Madame Minister mer ausféierlech kënnt doriwwer Informatioune ginn, sou ausféierlech wéi bei deenen zwou Froe virdrun.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert versichen, esou ausféierlech wéi méiglech dem Här Fayot ze äntwerten, wuelwëssend, datt d'Endresultat net feststeet, mä datt mer an enger Négociatioun sinn. Mä wat ech em awer gär soen, dat sinn d'Elementer vun där Négociatioun.

Ech wëll nach eng Kéier ervirsträichen, opgrond vun där Entrevue, déi ech mam Här Kinnock hat d'lescht Woch, an déi jo weess Gott net déi éischt war - mir ware jo scho méi oft zesummen -, a wann ech mech drun erënneren, wéi eng Zuelen nach virun e puer Méint an d'Welt gesat gi sinn a wéi d'Befierchtungen do grouss waren, da kann ech nëmme soen, datt déi Entrevue awer all déi Saachen op e ganz aneren Niveau bruecht huet, besonnesch, effektiv, wat d'Ausmooss vun deene Propositioune vu Reformen ubelaangt.

Mä ier mer zu deene Propositioune kommen, sinn emol fir d'alleréischt awer dräi Prinzipien nach eng Kéier festgehal ginn. Well se ganz wichteg sinn, wëll ech se och nach eng Kéier hei soen. Dat ass fir d'éischt, datt et net nëmmen eng Consolidatioun, mä en Développement vun der Presenz vun der Kommissioun hei zu Lëtzebuerg gëtt. All aner Informatiounen si Panikmacherei. Et gëtt also eng Consolidatioun an en Développement vun der Presenz vun der Kommissioun hei zu Lëtzebuerg.

Zweetens, wa verschidde Secteuren oder Divisioune géingen an e Reformkader falen, da geet et nëmmen op volontärer Basis. Et gëtt also kee vun de Fonctionnairë forcéiert vu Lëtzebuerg fortzegoe fir op Bréissel, mä et ass op volontärer Basis an ebe mat Austausch.

An dann ass et grad esou kloer - an ech mengen dat ass eng Berouegung fir jiddfereen, deen hei zu Lëtzebuerg ass -: All Neierung kann natierlech nëmme geschéie mam expressen Accord vum Lëtzebuerger Stat an nodeem kloergestallt ass, datt déi juristesch Garantië fir e Changement grad esou sécher si wéi déi, déi mer virdrun haten, dat heescht vun der jëtzeger Situatioun ausgoend. Do ware mer ganz eens an dat ass scho berouegend.

Opgrond vun deene Propositiounen, déi also gemaach ginn, hunn ech mer virgeholl elo eng Rei Négociatiounen och ganz prezis mat deene Kommissären ze féieren, déi ebe Propositioune gemaach hunn, fir en Deel vun hire Servicer, déi elo hei zu Lëtzebuerg sinn, op Bréissel ze huelen, a fir mer am Detail e Bild ze maachen dovun, ob dat wierklech d'Aarbecht géing méi effikass maachen.

Ech brauch net drun ze erënneren, datt mer iwwerhaapt d'accord waren an déi Diskussioun ze goen, well mer ebe méi eng kloer Opdeelung vun de Kompetenzen an eben och kloer Carrièresperspektive wëllen hei zu Lëtzebuerg an zu Bréissel maachen.

Ech wëll also mat deene betraffene Kommissären dat am Detail diskutéieren. Ech wëll dat nämlecht och mat de Syndikater maachen. Ech wäert dat an deenen nächsten Deeg maachen. Et ass net déi éischte Kéier; och déi hat ech scho gesinn, mä opgrond vun anere Propositiounen. Mä déi lescht wëllt ech eben och mat verschiddenen duerchschwätzen, an dat nämlecht wëll ech och mat den Europadeputéierte maachen. Ech hu mer virgeholl an deenen

nächsten Deeg mat deenen zesummen ze kommen, fir och déi am Detail driwwer ze informéieren, wat de Moment um Dësch läit.

Nach eng Kéier ënnert dem Stréch - an engersäits ass et evident, ech hunn et gesot -, deen Elargissement, déi Zäiten déi vrun eis sinn, wäerten net e Manner vu Beamten hei zu Lëtzebuerg bedeiten, mä - au contraire - eng grouss Masse vu méi Beamten. Wann ech mer dat hei erlaben ze ënnersträichen, dann ass et well een dat net nëmmen einfach soll zur Kenntnis huelen, mä well dat eis och muss verulassen ze reagéieren.

Honnerten an esouguer iwwer Dausenden nei Beamten hei ophuelen, dat ass fir eis eng Erausfuerderung. Mir sinn dee Moment och obligéiert, déi Leit ze logéieren an deenen dezent Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen.

Ech wëll dofir hei nach eng Kéier erënneren zum Beispill un d'Noutwendegkeet vum Bau vun enger zweeter Europaschoul. Et geet net duer Leit heihinner - géing ech bal gär soen - ze lackelen, et muss een en och nach déi Konditioune schafen, datt si an hir Familljen hei eben och dezent kënne liewen.

Well déi éischt, déi si fir 2003 virgesinn. Wann am Abrëll zu Athen, esou wéi dat virgesinn ass, Traités d'adhésion ënnerschriwwe ginn, da wäerte vun deem Moment un déi Länner als Observateur an all Conseil ministériel dobäi sinn an och déi éischt, ebe Beamte mat hire Kanner, um Niveau vun der Traditioun wäerten hei sinn. Dat nëmmen als Kader fir dat, wat dee Moment vun eis verlaangt gëtt.

Wat ass elo aus deenen Négociatioune ginn - fir e bësse méi prezis ze ginn? Ech brauch net op dat anzegoen, wat mer souwisou halen, wat net méi a Fro steet, obschonn eng Rei dovun a Fro stoung. Mä déi meescht si gréisstendeels iwwerhaapt net méi a Fro gestallt. Eurostat, Office des publications, d'Direktioun D vun der INFSO, d'Direktioun L, Opérations financières et liaison avec le groupe BEI, an d'Direktioun ECFIN, all déi Saache si guer net méi a Fro gestallt.

Op där anerer Säit ass virgesinn, datt de Pôle énergie hei zu Lëtzebuerg géing renforcéiert ginn, datt mer och eng Rei Agences d'exécution vu Programmer, besonnesch am éducativë Secteur, méi kënnten hei kréien, an datt de Pôle traduction géing konsequent verstäerkt ginn. De Moment ass et esou, datt zwee Drëttel vun der Traductioun zu Bréissel sinn an nëmmen een Drëttel hei zu Lëtzebuerg. Hei wier d'Kommissioun bereet op halbe-halbe ze goen, wat fir eis e Plus vu 400 Leit géing an deenen nächste Jore bedeiten. Mä wat fir eis an deem Kontext wichteg wier, dat wier datt um horizontale Plang vun der Traductioun kënnt e Renforcement kommen. Horizontal, dat ass deen deen net ofhänkt vun deene verschiddene Sproochen, mä dee sech zum Beispill ëm de Planning, ëm d'Formatioun vun den Traducteure këmmert.

Dat alles, do sinn Négociatiounen amgaang. Mir si jo hei fir Kloertext ze schwätzen. Et ass awer natierlech och - well bis elo hunn ech nëmme Positives geschwat, nëmme wat mer méi kréichen oder wat géing ausgebaut ginn - op där anerer Säit, dat ass evident, eng Fuerderung fir verschidde Saachen zu Bréissel ze regroupéieren, an do ass besonnesch de Secteur Santé publique gefrot. Dat géing am Ganzen ongeféier eng 150 Poste betreffen. Ech wëll déi nennen, fir awer d'Ausmooss op dat ze reduzéieren, wat haut a Fro ass. Virun e puer Méint ass nach vu 500, 600 Leit geschwat ginn, déi géingen ofgezu ginn. Dat wat elo um Dësch läit wieren der just 150.

Mä och do: Dat ass eng Négociatiounsbase. Mir hunn do eisen Accord net derzou ginn an ech wäert, wéi gesot, an deenen nächsten Deeg mat deene betreffende Kommissäre schwätzen. Well wat fir eis wichteg ass, dat ass net nëmmen d'Quantitéit vun de Beamten, dat ass eben och - an do si mer eis jo eens, dat hu mer nach ëmmer gesot - d'Qualitéit vun deene Servicer, déi hei kënnen op der Plaz geleescht ginn, an eben och de Rayonnement, deen déi Aarbechte kënnen hei zu Lëtzebuerg hunn.

Ech wier also ganz frou, fir an deenen nächsten Deeg mat deenen, déi sech besonnesch ëm dësen Dossier beméit hunn, an dozou gehéiert den Här Fayot ganz sécher, zesummen ze kommen, fir se iwwert déi Diskussiounen, déi ech souwuel mat de Kommissäre wéi mat de Syndikater hat, nach méi am Detail ze informéieren an ze soen, wat d'Regierung gedenkt an deem Dossier ze ënnerhuelen.

M. le Président.- Déi lescht Fro kënnt vum Här Georges Wohlfart un d'Erzéiungsministesch iwwert en neie Bau fir d'Ackerbauschoul. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

**- Question 260 de M. Georges Wohlfart relative à la création d'un nouveau bâtiment sur un nouveau site du Lycée technique agricole**

M. Georges Wohlfart *(LSAP).*- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 15. Mee 2000 kruten ons Kolleegen Nico Loes a Marco Schank op eng schréftlech Ufro vun hinne vum 11. Abrëll vum selwechte Joer eng Äntwert vun der Bauteministesch, no Konzerta tioun mat der Madame Minister vun der Education nationale, wat den Neibau vum Lycée technique agricole zu Ettelbréck ugeet, och iwwer e méiglechen neie Standuert.

Et ass do gesot ginn, de Bauprogramm wär dobäi ausgeschafft ze ginn an engem Aarbechtsgrupp, wou de Ministère de l'Education nationale, d'Agriculture, Responsabeler vum Lycée technique agricole an den Direkter vun der ASTA vertruede wären.

An der Äntwert liest een och, datt déi dräi Missioune vun der Ackerbauschoul: d'initial Ausbildung, d'Formation continue an den Dokumentatiounszenter wierklech d'Basis vum Bauprogramm duerstellen.

Ech wollt just bemierken, dass an där Äntwert déi véiert Prioritéit vum Lycée technique agricole, dat heescht d'applizéiert Fuerschung, net méi erwähnt gëtt. Ech hoffen net, dass dat vergiess ginn ass. De Basisprogramm soll duerch dës Kommissioun opgestallt ginn. Derniewent war op Demande vum Ministère de l'Intérieur, wat den Departement vum Aménagement général du territoire ugeet, en interministerielle Grupp op d'Bee gestallt ginn, fir déi méiglech Implantatioun vum Neibau virzeschloen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert zwee an en halleft Joer nodeem déi zwou Gruppen hir Aarbecht opgeholl hunn, wollt ech folgend Fro un d'Madame Minister stellen: Wéi wäit sinn d'Viraarbechte vum Aarbechtsgrupp, wat de Bauprogramm ugeet, fortgeschratt? Huet dësen Aarbechtsgrupp an der Tëschenzäit vläicht en Zwëscherapport virgeluegt? Wéini rechent Dir, Madame Minister, mat de Conclusiounen?

Doraus ergëtt sech déi lescht Fro an dësem Kontext an zwar, ob Der ons haut schonns eppes kënnt soen iwwert den zukünftege Site a wéini Dir domat rechent en Avantprojet kënnen an d'Regierung ze bréngen an en duerno als Projet de loi op den Instanzewee ze ginn?

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Erzéiungsminister Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Wohlfart weess als Member vun der viregter Regierung, deen och eng Kompetenz hat an den Travaux publics, dass et net den Educatiounsminister ass, dee Bauteprojeten déposéiert, mä dass dat de Minister vun den Travaux publics ass. Dat awer nëmmen als Rappel an och net fir mech ze déchargéieren, au contraire.

Déi Froen, déi den Här Wohlfart gestallt huet, si Froen déi mech zudéifst beonrouegen. Et ass wouer, dass un engem Programm geschafft gi wor. Beim Programm, fir eng Ackerbauschoul ze realiséieren, ass d'Wonschlëscht esou opgelaf, dass op eemol e Site erauskoum, wou een 125 Hektar zesummenhängenden Terrain misst fannen, fir dat opzeriichten. Ech kann lech soen, domat mécht een ni eng Schoul, well et fënnt een ni e Site, wou zesummenhängend 125 Hektar sinn.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Dorop hin huet d'Regierung d'Décisioun geholl, dass d'Klasseraim, also d'Schoul selwer do etabléiert bleift an hire Siège behält, wou si en am Moment huet, dat heescht zu Ettelbréck. Well et muss ee wëssen, an dat wor an den nonzeger Joren, dass iwwer all d'Parteien d'Leit sech eens waren, dass d'Ackerbauschoul géif an den Norde gehéieren. Déi eng, déi wollte se léiwer zu Hengescht gesinn, anerer léiwer zu Klierf an drëtter hätte se gären zu Ettelbréck behalen. Dofir ass d'Décisioun geholl ginn, d'Schoul zu Ettelbréck als Schoul fonctionnéieren ze loossen. Déi Décisioun ass geholl.

Zweetens ass och décidéiert ginn, keng Ferme modèle ze bauen. Eng Ferme modèle wier gewiescht, dass een niewent der Schoul eng Ferme opgeriicht hätt mat allem wat dozou gehéiert. Deene Wonschvirstellungen no hätte 49 Leit Personal missten engagéiert ginn, fir déi fonctionnéieren ze dinn. D'Regierung huet d'Décisioun geholl, dat net zréckzebehalen. Iwwregens gëtt dat och vun der Landwirtschaftskummer gedeelt, dass et besser ass, dass een déi praktesch Ausbildung a bestehende Betriber mécht, wou Kontrakter ofgeschloss ginn.

Opgrond vun deenen Décisiounen, déi an der Regierung geholl gi sinn, ass gekuckt ginn de Bauprogramm ze adaptéieren. Or, dee Programm, deen d'Education nationale dunn zougestallt krut, huet sech nach ëmmer op 55 Hektar belaf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen all, dass mer esou ee Site net fannen an do hunn ech gëschter zu Ettelbréck gesot bei der Remise vun den Diplomer - gëschter kruten zwielef Leit am Beräich vun der Landwirtschaft en Diplom -: Wann een der Regierung kéint Propositioune maachen, wou déi 55 Hektar ze fanne wieren, da géing d'Regierung selbstverständlech déi Propositioun akzeptéieren. Domat wollt ech zum Ausdrock bréngen, dass dee Projet mir och net schéngt realisabel ze sinn a mir dee Programm nach eng Kéier revidéiere mussen.

Ech bedaueren och - gëschter ass vill bedauert gi bei där Feier -, dass mer net gläich zu méi konkreten a méi realistesche Schrëtt konnten iwwergoen. Ech wëll nach soen, dass de Plan sectoriel fir d'Lycéeën ze bauen deemnächst wäert definitiv op den Instanzewee goen, wou och déi verschidde Gemenge consultéiert ginn, well do musse mer dann décidéieren, wéi et mam ganze Schoulraum zu Ettelbréck ass, well et ass net nëmmen d'Ackerbauschoul déi betraff ass mä och nach aner Lycéeën. Hei kann een net einfach äntwerten „il n'y a qu'à".

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Froestonn ass ofgeschloss a mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour an zwar zu deem, wat d'Chamber am Ufank beschloss huet, dass mer d'Motioun, déi den Här Bausch abruecht huet, uschléissend hei un d'Froestonn diskutéieren.

***(Interruption)***

Den Här Jean-Paul Rippinger freet d'Wuert.

## 9. Dépôt d'une motion sur la situation en Iran

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, wann Der erlaabt, ech wollt nach eng Motioun vun der Majoritéitspartei déposéieren zu dem Sujet vum Iran.

M. le Président.- D'accord. Här Rippinger, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt am Zesummenhang mat deem neie Punkt um Ordre du jour och eng Motioun vun de Majoritéitsparteien déposéieren iwwert deeselwechte Problem an iwwert déiselwecht Problematik, déi engersäits, géif ech soen, am Exposé des motifs e bësse méi diplomatesch ausgedréckt ass an am Dispositif e bësse méi wäit geet, well se d'Regierung freet: „que le Luxembourg continue à faire valoir ses préoccupations graves dans le cadre des organisations et structures multilatérales dont notre pays est membre". Dat geet also iwwert d'Europäesch Unioun eraus a betrëfft och déi Gremien, wou mir participéieren.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- compte tenu de la situation fort préoccupante des droits de l'homme en Iran, y compris les violations des droits civils et politiques, notamment de la liberté d'expression et de la liberté d'association et la discrimination que subissent systématiquement les femmes et les fillettes et en particulier les formes cruelles d'exécution telles que la lapidation;*

*- compte tenu de l'ampleur grandissante des protestations et manifestations des étudiants et du peuple iranien, leur appel pour le respect des droits de l'homme et pour le changement fondamental et du gouvernement démocratique en Iran;*

*- compte tenu du blocage de réformes par les mullas au pouvoir et constatant que les cinq années de la présidence de Kathami n'ont pas apporté tous les résultats escomptés;*

*- considérant le récent appel du Conseil National de Résistance Iranienne pour la constitution d'un front commun de toutes les forces luttant pour la démocratie et la laïcité, suscitant l'espoir dans la société iranienne;*

*- se référant à sa Résolution adoptée le 21 mars 2001 sur la situation en Iran;*

*- exige du Gouvernement, agissant de concert avec ses partenaires de l'Union Européenne:*

*- de notifier avec vigueur au Gouvernement iranien que le développement des relations à la fois bilatéral et entre l'UE et l'Iran ira de pair avec l'amélioration de la situation des droits de l'homme et notamment au respect des libertés fondamentales;*

*- de notifier avec vigueur que le développement des relations économiques entre l'UE et l'Iran soit encadré par ces considérations politiques;*

*- de renforcer le processus de changement en Iran par le biais du dialogue tel que retenu par le Conseil de l'UE dans ses conclusions du 17 juin 2002;*

*- de déployer tous les efforts nécessaires avec nos partenaires de l'Union européenne afin de présenter une Résolution condamnant les graves violations des droits de l'homme en Iran à la Commission des Droits de l'Homme de l'ONU au printemps 2003;*

*demande du Gouvernement*

*- que le Luxembourg continue à faire valoir ses préoccupations graves dans le cadre des organisations et structures multilatérales dont notre pays est membre.*

*(s.) Jean-Paul Rippinger, Lucien Clement, Gusty Graas, Paul Helminger, Claude Wiseler.*

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert.

## 10. Motion de M. François Bausch sur la situation en Iran et Motion de M. Jean-Paul Rippinger sur la situation en Iran

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, et léisst sech ëmmer iwwer e Wuert streiden, ob dat méi wäit oder manner wäit geet. Ech mengen, et geet net drëms bei deene Motiounen, déi mer haut stëmmen, wie méi wäit oder manner wäit geet, mä et geet ëm d'Saach.

Eng Situatioun am Iran, déi relativ dramatesch ass, wou nach ëmmer massiv Leit einfach arbiträr exécutéiert ginn, wou virun allem Fraen enger zimlech schroer Folterrepressioun ausgesat sinn, wou einfach refuséiert gëtt vun där reliéiser Führung am Iran all demokratesch Bestriewungen, déi am Iran sinn, souguer wa se demokratesch legitiméiert sinn, zouzeloossen.

Ech mengen, et geet einfach drëms, datt mer als Chamber sollen nach eng Kéier ausdrécken, datt et elo muss op internationalem Plang Schluss si mat weidere Coopératioune mat deem Land, wann net eng Bereetschaft besteet vun där reliéiser Führung, fir déi Blocagen an déi schlëmm Situatiounen ze behiewen an Demokratie zouzeloossen, an och dat ze ënnerstëtzen, wat eigentlech de Conseil national de résistance am Iran fuerdert, fir deem Front commun, dee sech an Tëschenzäit elo gebilt huet un Oppositioun, och am Ausland, nach méi Appui ze ginn, fir datt mer nach méi séier am Iran e Stat kréien, deen demokratesch a laizistesch ass.

Ech mengen dat ass den Haaptobjektiv, deen an der Motioun vun eis ass. Wann elo d'Majoritéit eng Motioun eragëtt, déi an hirer Formularisatioun anescht ass - ech kucke mir déi elo natierlech gären un -, da mengen ech, datt mer do kënnen eng Eenegung fannen. Et geet net drëms, wien déi besser Motioun huet, et geet heidrëms, dass mer d'Regierung opfuerderen, zemools well mer wëssen, datt eng Rei Diskussiounen an deenen nächste Wochen a Méint par rapport zum Iran op internationalem Plang ustinn.

Här President, ech géing wëlle waarde bis ech déi Motioun gesinn hunn an da soen, ob mer déi kënne matdroen oder net.

M. le Président.- D'accord, mir maachen et dann esou.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Pardon, Här President.

Här Bausch, mir kënnen dat novollzéien, wat Dir gesot hutt, mä d'Madame Ausseminister huet

nach aner Obligatiounen. Dofir géing ech proposéieren, dass mir se géingen elo, trotz allem, zu deem Punkt lauschteren, a spéider dann iwwert déi eng oder déi aner Motioun ofstëmmen. Wann Der domadder d'accord wäert?

M. le Président.- Gutt, domat kënne mer d'accord sinn. D'Madame Ausseminister Lydie Polfer kritt d'Wuert.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Merci Här President. Ech sinn dem Här Rippinger dankbar.

Une voix.- Mir och!

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Vu datt ech déi Motioun krut, déi den Här Rippinger hei déposéiert huet, kann ech soen, datt ech mat där ganz averstane sinn.

Et ass e Fait, datt dat, wéi den Här Bausch et opgezielt huet, d'Mënscherechter am Iran net an deem Mooss respektéiert ginn, wéi mir dat wënschen, a mer op alle Plazen, wou mer dozou kënne Stellung huelen, dat och soen.

Mir hu laang driwwer geschwat an de Kader gesat vun engem Dialog mat dem Iran a mat de Représentante vun dem jëtzegen Iran. Déi éischt Réunioun vun deem Zyklus ass den 12. Dezember, an dat ass de premier tour de négociation, um Niveau allerdéngs vu kommerziellen Négociatiounen, a parallell dozou, well dat ass och eng Nuance tëschent dëser Motioun an Ärer, muss den Dialogue politique oflafen. Dofir ass den 18. Dezember déi éischt Reunioun, wou den Dialogue politique mam Iran soll gefouert ginn.

Mir insistéieren also op d'Parallele vun deenen zwee. Dat eent ouni dat anert geet net. Mä Dir schwätzt an Ärer Motioun zum Beispill vun „doit être subordonnée", esou datt een nees eent vun deem aneren ofhänke léisst. Mir hunn, d'Europäesch Unioun, no laangen, laangen Diskussiounen eis engagéiert an en Dialog mat den Autoritéiten, engersäits um ekonomeschen, mä awer och ob där aner Säit um politesche Plang.

Ech wollt Iech just soen, datt déi Datume festgeluegt sinn. Dat ass den 12. an den 18. Dezember. An all déi do Elementer sinn an där Motioun, déi den Här Rippinger hei déposéiert huet, festgehalen, an dofir kann ech am Fong nëmmen der Chamber recommandéieren déi unzehuelen. Do sinn da jo och all déi Vergoen, déi vun där anerer Motioun dénoncéiert ginn, dran. Och den Appel vum Conseil national de Résistance ass doran opgezielt. Also, ech mengen, dat wier schonn eng ganz équilibréiert Motioun, déi d'Chamber géing an deem Fall unhuelen.

M. le Président.- Den Här Bausch huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech hunn déi Motioun gelies a mir hu kee Problem, fir se matzestëmmen. Et steet souwisou plus ou moins dat nämlecht dran. Et ass just deen Aspekt vun de Mudschahedin erausgeholl ginn, mä dat ass mer zimlech egal. Mir kënnen déi esou matdroen.

M. le Président.- Da kënne mer jo direkt driwwer ofstëmmen.

Mir hunn zwou Motiounen. Den Här Bausch huet sech d'accord erkläert mat där Motioun, déi den Här Rippinger abruecht huet, well déi inhaltlech a sënngeméiss iwwerenee stëmmen. Mir kënnen also iwwert déi Motioun ofstëmmen.

***Vote***

Wie fir d'Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

Ech stelle fest, dass déi Motioun eestëmmeg ugeholl ass.

Da géinge mer mat eisem Ordre du jour virufueren. D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

## 11. Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant les comptes de l'exercice 2001 de la Cour des Comptes

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. En Conformitéit mam Gesetz soll d'Chamber d'Approbatioun gi vun de Konte vun der Cour des Comptes.

Mir hunn e Réviseur genannt, deen och e Rapport ofgeliwwert huet. Dir wësst, dass d'Chamber dee genannt huet, an dee seet, dass d'Situatioun vun dem Patrimoine vun der Cour des Comptes en conformité ass mat de Reglementer a mat de Gesetzer. Och ass hire Résultat d'exploitation conforme ass.

Mir hunn an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire iwwert dee Rapport gekuckt an hunn eisen Accord dozou ginn, esou dass ech géing proposéieren, dass d'Chamber d'Approbatioun vun de Konte vum Exercice 2001 vun der Cour des Comptes haut virhëlt. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Freet nach en Deputéierten d'Wuert?

***(Négation)***

Da kënne mer direkt doriwwer ofstëmmen.

***Vote***

Wie mat där Resolutioun d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

Ech stelle fest, dass déi Resolutioun eestëmmeg ugeholl ass.

***(Interruptions diverses)***

Mir kommen haut gutt virun, wann et esou weidergeet.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4881 iwwert d'Ofkommes vu Stockholm. Et si bis elo agedroen: déi Häre Bodry, Mehlen an Huss. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gusty Graas.

## 12. 4881 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Stockholm sur les polluants organiques persistants, faite à Stockholm, le 22 mai 2001

***Rapport de la Commission de l'Environnement***

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Laf vun deene leschte Jorzéngte ass eng Rei vu chemesche Substanzen entwéckelt ginn, fir zum Beispill en Insekt ze bekämpfen oder Krankheeten ze kontrolléieren, déi mat Sécherheet eise Liewenskomfort erhéicht hunn. Mä allerdéngs huet sech an der Zäit duerno awer erausgestallt, datt dës Produkter och negativ Säite mat sech bruecht hunn. Esou halen zum Beispill eng Rei vun Etüde fest, datt Réckstänn vu chemesche Produkter wéi Pestizidien oder PCB sech kënnen an dem Fettgehalt vun de Mënschen an och de Planzen accumuléieren an esou zu groussen Ëmwelt- an och Gesondheetsschied féiere kënnen.

Expäre si jiddefalls haut der Meenung, datt Kriibs, Tumeuren, Konzentratiounsmangel, Ännerunge vum Immunsystem, Féconditéitsproblemer an d'Diabetis oft an direktem Zesummenhank mat der Notzung vun deene geféierleche Substanzen ze setze sinn.

Schonn 1944 hu Wëssenschaftler am Fettgewief vum Mënsch Réckstänn vun DDT fonnt, an an de 50er Joren ass eng Relatioun hiergestallt ginn tëschent dem massive Stierwe vun Otteren an dem PCB. Och den Doud vun Delphinen a Robben an den 80er an an den 90er Jore wier op esou eng Contaminatioun zréckzeféieren.

***(Interruptions diverses)***

1992 ass déi ganz Problematik awer um Sommet zu Rio eeschthaft duerchdiskutéiert ginn an an de Kapitel 19 vum Aktiounsprogramm 21 och iwwerholl ginn.

1994 ass de Forum intergouvernemental sur la sécurité des produits chimiques, ofgekierzt FISC, gegrënnt ginn.

1995 gouf dunn d'Fro vun de Polluants organiques persistants, de sou genannte POPen, dem UNO-Ëmweltprogramm ënnerbreet.

De 7. Februar 1997 huet de Verwaltungsrot vun dësem Programm d'Recommandatioune vum FISC ugeholl. A fënnef Sessiounen ass dunn déi sougenannte Konventioun vu Stockholm ausgeschafft ginn, déi dann och den 22. Mee 2001 an der schwedescher Haaptstad ënnerschriwwe ginn ass. Lëtzebuerg war do present. Net manner wéi 91 Staten hunn déi Konventioun deemools ënnerschriwwen. Bis haut hunn dat ronn 121 State gemaach.

D'POPen entstinn u sech duerch industriell Prozesser an accumuléiere sech a Form vu Réckstänn. Hir Haapteegenschaft ass allerdéngs déi, datt se sech iwwer laang Distanzen duerch d'Loft kënnen déplacéieren, fir sech dann herno a Flosssystemer oder a Planzen nidderzeloossen. Et fënnt ee se iwwerall op der Welt, an dat ass ee vun den Haaptproblemer. Och do, wou se net entstinn. Dat bréngt besonnesch Problemer fir verschidde Völker mat sech. Ech denke virun allem un d'Eskimoen.

Och wann de Problem vun de POPe weltwäit ass, esou soll dat awer net heeschen, datt kleng Länner, esou wéi eist Land, sech sollen hirer Responsabilitéit entzéien.

D'Konventioun vu Stockholm, déi de Prinzip vun der Précautioun respektéiert, behandelt jiddefalls déi 12 geféierlechst POPen. D'Parteien, déi déi Konventioun ënnerschriwwen hunn, si gehalen dofir ze suergen, datt manner Réckstänn vun dësen POPen an d'Atmosphär kommen, a souguer se wa méiglech ganz ze eliminéieren. Esou sollen zum Beispill bis d'Joer 2025 Equipementer, déi PCB enthalen, identifizéiert an och ganz eliminéiert ginn. Bis d'Joer 2028 soll och eng ekologesch Gestioun vun dësen Offäll ugestrieft ginn.

Den Austausch vun Informatiounen ass natierlech e weidere wichtegen Aspekt vun dëser Konventioun. An deem Sënn désignéiert all Land e spezielle Korrespondent. Virun allem soll och gekuckt ginn, datt de grousse Public méi iwwert d'Gefore vun de POPen informéiert gëtt. Ech denken un éischter Linn u Fraen, déi stëllen, respektiv u kleng Kanner.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, spéitstens zwee Joer nom Akraafttriede vun dëser Konventioun muss jiddefalls all Land en Aktiounsplang virleeën, a véier Joer nodeems dass si a Kraaft ass, gëtt dann eng éischt Evaluatioun vun där Konventioun gemaach, fir ze kucken, wat den Impakt dovun ass.

Wat de Finanzement vun där Konventioun ubelaangt, sou ass et esou wéi praktesch mat allen UNO-Konventiounen an zwar, dass déi räich Länner de Gros vun de Käschte droe mussen. Et sinn och nach sechs Annexen zu där Konventioun ausgeschafft ginn, déi ënnert anerem virgesinn, wéi eng Substanzen eliminéiert oder reduzéiert ginn. Donieft ginn natierlech an deenen Annexen awer och verschidde Sélectiounscritèrë festgeschriwwen.

D'Konventioun trëtt - wéi dat, wéi gesot, bei deene meeschte Konventiounen och de Fall ass - den 90ten Dag a Kraaft nodeems dass de 50ten Dépôt vun enger Ratifikatioun, Akzeptatioun oder Approbatioun virgeluegt gouf. Dës Konventioun muss een och an direkter Relatioun mat enger ganzer Rei vun aneren europäeschen an och internationale Konventioune gesinn, sou wéi och mat verschiddenen EU-Direktiven.

Ech denken zum Beispill hei un d'Konventioun vu Basel, iwwert déi grenziwwerschreidend Mouvementer vu geféierlechen Offäll, respektiv un d'Konventioun vu Rotterdam iwwert de Consentement préalable, wat d'Notze vu geféierleche chemesche Produkter ubelaangt.

An dësem Kontext soll awer och ernimmt ginn, dass d'Europäesch Kommissioun am Februar 2001 e wäisst Buch ausgeschafft huet, iwwert déi zukünfteg Strategien am Domaine vun de geféierleche chemesche Substanzen. Am leschte Juli huet d'Kommissioun awer och eng Kommunikatioun, iwwert de Gebrauch vu Pestizide gemaach.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och eist Land huet leider seng Problemer mat deene geféierleche POPen. Ech wëll zum Beispill an dësem Kontext op eng Etüd hiweisen, déi ufanks vun dësem Joer public gemaach ginn ass, wat d'Contaminatioun vu Fësch an dräi Flossleef hei zu Lëtzebuerg ubelaangt - an der Musel, an der Sauer an an der Uelzecht -, wou et zum Deel och zu dach alarmante Resultater koum.

Mir haten hei an der Chamber iwwert déi Problematik Rieds. Et ass eng Motioun gestëmmt ginn, déi u sech d'Regierung opgefuerdert huet, eng zousätzlech Etüd an Optrag ze ginn, wat eng eventuell Contaminatioun vu Fësch an deenen anere Flossleef hei zu Lëtzebuerg ubelaangt. Mengen Informatiounen no, miissten do éischt Resultater am Ufank vum nächste Joer bekannt gemaach ginn.

Mä et ass net nëmmen op deem Niveau, wou mir déi Problemer hei zu Lëtzebuerg hunn, déi kënne sech och um Niveau vun de Logementer stellen; duerch eben d'Ausdonsten an den Haiser, duerch Faarwen, duerch Miwwelen oder duerch Isolatiounsmaterialien. An dann däerf een an der ganzer Problematik awer och net de Gebrauch vu Pestiziden an der Landwirtschaft ignoréieren.

Et kann een allerdéngs soen, dass hei zu Lëtzebuerg d'Konventioun vu Stockholm schonn, iwwert de Wee vun enger Rei vu bestoenden europäeschen Dispositiounen, respektéiert gëtt. Sou kann een als Beispill d'Direktiv 96/59/CE iwwert d'Eliminatioun vu PCBen a PCTen erwähnen. Schonn 1984 hu mir hei zu Lëtzebuerg en Inventar gemaach vun all den elektreschen Installatiounen déi PCB enthalen, sou dass mir haut am Fong geholl hei zu Lëtzebuerg praktesch keng Installatioune méi hunn, déi nach PCB hunn.

Als anert Beispill kann een dann och d'Direktiv 2000/76/CE iwwert d'Verbrennung vun Offäll zitéieren, déi Lëtzebuerg amgaang ass an d'nationaalt Recht ëmzesetzen. Déi Direktiv fixéiert den erlaabte Gehalt vun Dioxinen a vu Furanen op 0,1 Nanogramm. Wat och de Moment vun der SIDOR respektéiert gëtt.

Da wëll ech awer och drop hiweisen, dass schonn zënter 1995 e sou genannte Réseau de biosurveillance bei deene verschiddenen industrielle Sitë fonctionnéiert. Deen huet u sech als Aufgab, fir ze kucken, wat d'Retombéeën aus der Atmosphär op déi ëmliegend Terraine sinn.

Wat elo déi eenzel Avisen zu dësem Gesetzprojet ubelaangt, sou muss ee soen, dass de Statsrot u sech keng Problemer domat huet, wann et zu enger virgezunnener Ëmännerung vun där Konventioun kéim, ier, wéi gesot, hei de Pouvoir législatif säin Accord géif ginn. D'Chamber de Commerce - do soll vläicht kuerz drop higewise ginn -, bedauert, dass u sech hei déi allgemeng Notzung vun de chemesche Substanze géif verdäiwelt ginn. Ech mengen, dat kann een awer net esou gesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir ofzeschléissen, ass vläicht ze soen, dass dës Konventioun awer ouni Zweifel e gutt Instrument ass, fir d'Notze vun deene geféierlechen, chemesche Substanzen anzeschränken, respektiv souguer ze eliminéieren. Mir mussen eis nämlech bewosst sinn, dass d'Asetzung vun deene sou genannte POPe mat grousse Risike verbonnen ass; wat leider oft, nach vill ze vill oft, ignoréiert gëtt. Et gëtt och ëmmer méi däitlech, dass eben doduerch d'Zukunft staark kann hypothekéiert ginn, wa wéi gesot dës Produite géifen onkontrolléiert an onbegrenzt agesat ginn.

Oft ass et esou, dass mir mengen - wéinst eisem vermeintleche Komfort - miisste mir eben ëmmer méi Chimie asetzen. Dat ass jiddefalls eng Täuschung a kann, à moyen et à long terme, zu gréissere Schied féieren.

Ech wëll ofschléissend nach merci soen, dass mir erlaabt ginn ass, e puer Minutten iwwert déi normal erlaabte fënnef Minutten eraus kënnen ze schwätzen. Ech géing och gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun bréngen a vu d'Importenz vun dëser Konventioun, lech och bieden dësem Projet de loi Är Zoustëmmung ze ginn. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Bodry.

***Discussion générale***

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, deem ausféierleche Rapport vum Här Graas brauch ech just am Numm vu menger Fraktioun den Accord ze ginn.

Heibäi handelt et sech ëm ee vun deene villen internationalen Instrumenter, fir d'Ëmweltverschmotzung an de Gréff ze kréien a wou et effektiv wichteg ass, dass et do geuerdnet op internationalem Plang virugeet. Och wann déi Verhandlunge sécherlech ëmmer ganz schwéier sinn, a sech oft op deem klengste gemeinsamen Nenner treffen.

Ech wéilt just vun der Regierung wëssen, wéi si d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg aschätzt? Wat déi lescht Erhiewungen op deem dote Plang sinn? An haaptsächlech och, wéi wäit dass se amgaang ass, deen Aktiounsplang national schonn ze preparéieren, dee jo an engem gewëssenen Délai muss kommen, wann déi Konventioun hei rechtskräfteg ass?

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Schank.

M. Marco Schank *(CSV)*.- Här President, ech wollt am Numm vu menger Fraktioun dem Här Gusty Graas merci soe fir säin ausféierleche Rapport. En huet zu Recht op d'Importenz vun dësem Projet, respektiv vun dëser Konventioun, higewisen. Hien huet och virun allem op d'Belaaschtung vun eise Gewässer insgesamt, awer speziell zu Lëtzebuerg, higewisen; an dat zu Recht.

Ech wollt dozou eng Iwwerleeung weider ginn. Et ass esou, dass d'Belaaschtung vun eise Biedem eng ganz wichteg Roll spillt, eng wichteg Problematik duerstellt am

Kontext vun de POPen. A vläicht wier et och sënnvoll bei eis, net nëmmen eng Aart Altlastenkadaster ze féieren, deen op den aktuelle Stand vu belaaschte Biedem ageet, mä deen och d'Gestioun vun esou belaaschte Fläche géif erfaassen. Konkret wier dat eng Aart nationale Buedeminformatiounssystem iwwert déi physikalesch, chemesch a biologesch Natur vun der d'Beschafenheet vun dem Buedem. Esou kënnt mëttel- a laangfristeg eng Gefährdung vum Mënsch iwwert de Wee vum Drénkwasser verhënnert ginn. Dat wollt ech ergänzend soen.

Ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun zu dëser Konventioun.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen de Rapporteur huet zimlech in extenso duergeluegt ëm wat et hei geet. Duerfir ass och deem net méi ganz vill bäizefügen.

Et ass eng Tatsaach, dass d'Chimie an eist Liewen Agang geholl huet, datt et onzähleg chemesch Substanze sinn, déi ronderëm eis circuléieren, déi mir anotmen, déi mir mam Drénkwaasser a mat eisen Nahrungsmëttel ophuelen, wou mir eis mol net ëmmer bewosst sinn, wat do eventuell ka passéieren. Eng ganz Partie, besonnesch medizinesch Ënnersichunge weisen awer, dass dat eng Zäitbomm ass, déi ganz besonnesch, wann d'Effete kumulativ ginn, dach schonn deelweis grousse Schued ugeriicht huet a méiglecherweis an Zukunft nach méi Schued wäert uriichten.

De Rapporteur huet zu Recht drop higewisen, dass d'Avantagë vun der Chimie meeschtens vun de Leit gesi ginn, mä dass si, menger Meenung no, awer meeschtens kuerzfristeg sinn, an datt déi laangfristeg Auswierkungen - mir hunn dat zum Beispill beim DDT gesinn - am Ufank guer net erkannt ginn; datt si awer à longue kënnen désastréis sinn.

Et stellt sech virun allem d'Fro vum Ofbau. Net fir näischt gëtt jo vu POPe geschwat, an de leschte P dee steet fir „persistant"; dat heescht, si si bestänneg, si baue sech net gutt an net séier of.

Zousätzlech stellt sech nach d'Fro vun der Interaktioun. Wat passéiert deemno wat fir eng Substanzen openeen treffen? Wat entsteet erëm doraus? Wéi wierkt dat sech op de mënschlechen Organismus aus, vu datt de Mënsch jo normalerweis um Enn vun der Nahrungmëttelkette steet?

Leider, muss ee soen, ginn déi meescht chemesch Substanzen an Ëmlaf bruecht, ouni dass si wëssenschaftlech esou erfuerscht gi sinn, wéi dat eigentlech hätt misse geschéien. Mir stellen ëmmer erëm fest, dass nëmmen e ganze klenge Prozentsaz, zum Beispill vun de Sprëtzmëttel déi an der Landwirtschaft agesat ginn, iwwerhaapt op hir laangfristeg Wierkung erfuerscht gi sinn.

Mir hunn als ADR-Fraktioun ëmmer vertratt, datt dat ee Gebitt wär - vu datt net all Land deeselwechte groussen Effort ka maachen, well dat sinn Etüden déi kaschte vill, déi dauere laang, bis dass ee wierklech sécher ass, wat d'Auswierkungen dovu sinn -, wat misst um europäesche Plang vill méi konsequent ugaange ginn.

Do war jo mol Rieds - et héiert een elo net méi esou ganz vill driwwer - vun enger Agence européenne de l'alimentation. Déi misst sech onbedéngt mat den Auswierkunge vun all deene chemesche Substanzen ofginn, a wat fir engem Beräich se och ëmmer agesat ginn. Nach eng Kéier, merci un de Rapporteur.

Ech hätt mer, Här President, gewënscht, dass d'Regierung vläicht e bësse méi konkret gesot hätt, wat dann elo d'Auswierkunge vun dëser Konventioun an der Applikatioun fir eist d'Land bedeiten, mä vläicht wäert den Här Statssekretär eis dat nach e bësse méi däitlech hei soen.

Domat wëll ech den Accord vun eiser Fraktioun hei bréngen. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Huss.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt dem Här Gusty Graas merci soe fir säi Rapport, dee vill interessant a richteg Saachen enthalen huet. Ech wéilt zum Rapport an zum Gesetz selwer nëmmen e puer Remarke maachen.

Et ass kloer, dass mir als Gréng fir dëse Projet de loi wäerte stëmmen, dass mer fir dee Verbuet vun deene berüchtegte POPe sinn, well si an deene leschten 30 bis 40 Joer genügend Geforen, Risiken a Schied fir d'Ëmwelt, d'Déieren a fir d'mënschlech Gesondheet a sech beinhalt hunn. Dat si Saachen, déi allerdéngs - dat muss ee soen - net nei sinn. Dat si Saachen, déi albekannt sinn. Ech wëll drun erënneren, dass am Joer 1960 e Buch erauskomm ass an den USA, dat huet geheescht Silent Spring/Stummer Frühling vum Rachel Carson. Do sinn all déi Saache beschriwwe ginn, all déi Geforen, all déi Gesondheetsrisiken, all déi Risike fir d'Déieren, fir d'Natur an esou virun, déi mer haut kënne feststellen.

Allerdéngs ass et der Lobby vun der chemescher Industrie 30 Joer laang praktesch gelongen, e Verbuet vun deene Substanzen opzehalen, wat skandaléis ass, esou dass d'Situatioun haut esou ass, an dat ass am Rapport vum Här Graas erauskomm, dass jiddferee vun eis am Fong vun deene Substanze betraff ass. Et wäert wahrscheinlech kee méi hei banne sëtzen, deen net a sengem Fettgewebe iergendeng vun deene Substanzen oder méi vun deene Substanze sëtzen huet. Déi Substanzen sinn esou verbreet, dass mer se haut feststelle kënnen a Géigende vum Äismier, uewen an Nordkanada bei den Inuitë beispillsweis, déi héich belaascht sinn, zum Beispill mat PCBen, déi ganz gravéierend Gesondheetsproblemer fir si an deene leschte Jore mat sech bruecht hunn. Mir kënnen déi POPe beispillsweis hei an Europa feststelle bei Moossungen an de Forellen- a Gebiergsséien op 3.000 Meter Héicht an de Bierger. Esou wäit sinn déi verbreet.

Mir haten am Summer déi Motioun scho vun där den Här Graas geschwat huet, iwwert d'Belaaschtung vun de Fësch an eise Gewässer, haaptsächlech an der Sauer, der Musel an der Uelzecht, mat Substanze wéi dem PCB.

Ech wollt zum Rapport selwer den Här Graas nach just vläicht drop hiweisen, dass a sengem schréftleche Rapport e klengen Iertum ass, dee vläicht redresséiert misst ginn. Dir hutt hei um Pult zwar richteg geschwat vun de Grenzwäerter vun de Müllverbrennungsanlage vun 0,1 Nanogramm Dioxinen, mä am Rapport steet dran 0,1 Mikrogramm. Dat ass awer eng déck Gréisstenuerdnung driwwer.

Dat ware just e puer kuerz Remarken zu dësem Rapport an zu dësem Projet de loi, dee mer selbstverständlech wäerte stëmmen, mä, an elo kommen ech zum zweeten Deel, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn awer als Gréng eng Motioun, well et ass natierlech ganz schéin a ganz gutt, wann elo déi zéng berüchtegtst POPen, DDT, PCBen an esou viru verbuede ginn, mä de Problem ass, dass just déi verbuede ginn an um Marché bleiwen awer weiderhi Substanzen, virun allem am Beräich vun de Pestiziden, déi genausou gefäierlech sinn, wéi déi zéng vun deene mer elo geschwat hunn an déi net verbuede ginn!

Ech ginn e Beispill hei: An der Datebank vum UNO-Ëmweltprogramm, der UNEP, gi 60 Pestiziden als Alternativ zu deenen elo verbuedene POPen opgelëscht, dorënner zum Beispill Endosulfan, Carbofuran oder Malathion. Vun dëse 60 Ersatzpestizide fir déi POPe stuft d'Weltgesondheetsorganisatioun, d'WHO, der siwen als extrem gefäierlech an a 14 als héich gefäierlech. D'Europäesch Unioun schätzt der och siwen als staark gëfteg an an der 13 als gëfteg. 38 dovunner wiere gefäierlech fir d'Ëmwelt. D'amerikanesch Ëmweltbehörd EPA seet, dass 13 vun deene Pestiziden nogewisenermoosse kriibserregend wieren. An der toxikologescher an endokrinologescher Literatur ginn 22 vun deene 60 Stoffer als hormonell wierksam agestuuft.

Et ass also ganz schéin, wann déi eng verbuede ginn, mä déi aner däerfen ongestrooft um Marché bleiwen. Mir sinn allerdéngs der Meenung, dass dat net si kann, well een och do Moossname muss ergräifen.

Mir sinn iwwerhaapt der Meenung, dass de Pestizidgebrauch nach ëmmer vill ze vill staark an der Landwirtschaft - dat gesi mer jo herno nach bei de Bioziden - am Ëmlaf ass. Laut offiziellen Zuele vun EuroStat vum Januar 2002, also vun dësem Joer, ass de jährleche Verkaf vu Pestiziden an der EU vun 1992 op 1998 vun 295.000 Tonnen op 322.000 Tonne gestiegen. Och den Asaz pro Hektar ass vun 3,36 Kilo op 3,88 Kilo an der Europäescher Unioun gestiegen. Et gëtt also op den europäesche Felder nach ëmmer méi gesprëtzt.

Nach e puer Zuelen, fir deen ëmmer méi groussen Asaz ze illustréieren: 3/4 vun de Grondwässer an den Agrarregioune vun Europa si mat héije Pestizidkonzentratioune belaascht. Am 18. Plan de surveillance des résidus de pesticides dans les aliments d'origine végétale vun der zoustänneger Divisioun vun der Europäescher Kommissioun steet ze liesen, datt méi wéi 40% vun den analyséierten Uebst- a Geméisprouwen Résiduë vu Pestiziden enthalen. Laut aneren Analysen enthält och Reen oder Niwwel op munche Plaze ganz gewalteg Pestizidsréckstänn, déi puermol iwwert dem offiziellen Drénkwaassergrenzwäert leien.

Dat sinn, Dir Dammen an Dir Hären, haut déi beonrouegend Fakten. Esou begréissenswäert de Verbuet vun de POPen elo ass, esou wéineg wäert dat un der traureger Realitéit eppes änneren, wa mer eis net konsequent sinn an endlech e puer Schrëtt méi wäit ginn, wéi dëse Projet de loi.

Wat heescht dat méi wäit goen? Méi wäit goen, heescht éischtens Drock maachen - an eisen An - a Richtung Bréissel, fir datt zum Beispill d'EU-Kommissioun schnellstens weider Mesurë vu Verbuet oder Reduktioune vu gefäierleche Pestiziden an eng Proposition de directive erabréngt. Méi wäit goen, heescht awer och op nationalem Plang déi néideg Hausaufgaben ze maachen a selwer Initiativen ze ergräifen, fir Aktiounspläng zur Pestizidreduktioun opzestellen a se zäitlech kontrolléiert ëmzesetzen.

Dass dat méiglech ass, beweisen iwwregens e puer europäesch Staten, déi schonn zënter laangem eegen national Aktiounspläng zur Pestizidreduktioun beschloss hunn an a weiden Deeler ëmgesat hunn. Ech ginn Iech e puer gutt Beispiller un deene sech Lëtzebuerg kéint inspiréieren, zum Beispill Schweden. Schweden huet 1986 en nationale Reduktiounsplang fir d'Pestizide beschloss. No néng Joer war de Volume vun de Pestiziden ëm 71% reduzéiert. Dänemark huet en nationalen Aktiounsplang 1987 beschloss. No zéng Joer haten si eng Pestizidreduktioun vu 47%. Norwegen huet en Aktiounsplang 1991 beschloss. No eelef Joer haten si eng Reduktioun vu 54% vum Gebrauch vu Pestiziden. Holland huet en Aktiounsplang an Optrag ginn 1993 an no siwe Joer ass et zu enger Reduktioun vun 41% vu Pestiziden komm.

Dës Beispiller weisen, dass och national sënnvoll Mesurë méiglech sinn iwwert de Verbuet vun deenen zéng POPen hei eraus. Et brauch een duerfir emol net extra vill Courage ze hunn, et muss ee just politesche Wëllen duerfir hunn. Dee politesche Wëlle wëlle mir hei zum Ausdrock bréngen an enger Motioun, déi d'Lëtzebuerger Regierung opfuerdert en nationale Lëtzebuerger Aktiounsplang zur Pestizidreduktioun opzestellen, fir periodesch d'Resultater dovunner ze kontrolléieren an déi Resultater öffentlech ze dokumentéieren.

Här President, hei ass déi Motioun.

***Motion***

*La Chambre des Députés,*

*- saluant l'approbation par la loi de la Convention de Stockholm sur les polluants organiques persistants;*

*- estimant cependant que d'autres pesticides ou substances à usage industriel*

*sont tout aussi dangereux pour l'environnement et nuisibles à la santé humaine;*

*- rappelant que le cinquième programme d'action pour l'environnement de l'Union européenne prévoyait, dès 1993 et pour 7 ans, un objectif de réduction substantielle des pesticides par unité de terre en production;*

*- constatant cependant qu'aucune réduction significative de l'utilisation des pesticides n'a eu lieu pour l'ensemble de l'Union européenne - sauf quelques pays - à la fin des années 1990 et que les contaminations de l'environnement ont augmenté;*

*- constatant que la commission européenne reconnaît, dans le cadre du sixième plan d'action pour l'environnement, que l'ampleur et la nature des problèmes occasionnés par les pesticides sont sérieux et en augmentation et qu'elle propose l'élaboration d'une stratégie thématique pour réduire les risques liés à l'utilisation des pesticides et diminuer celle-ci;*

*- prenant note du fait que certains pays de l'Union européenne comme le Danemark, la Suède ou les Pays-Bas ont décidé et pratiqué depuis plusieurs années des initiatives unilatérales de réduction globale d'utilisation de pesticides couronnées de succès;*

*- estimant que seuls des plans d'action concrets avec des objectifs chiffrés de réduction peuvent amener à des résultats concrets et bénéfiques;*

*invite le Gouvernement*

*- à prendre les dispositions nécessaires conformément au principe de précaution;*

*- à intervenir auprès de la Commission européenne pour demander la publication, avant juillet 2003, d'une nouvelle proposition de directive établissant un programme de réduction de l'utilisation des pesticides;*

*- à intervenir dans le même contexte pour l'augmentation des moyens financiers en faveur de la recherche et de la mise en oeuvre de méthodes non chimiques de contrôle de parasites et en faveur de l'agriculture biologique;*

*- à s'inspirer de l'exemple des pays précités et d'établir au Luxembourg un programme d'action de réduction de l'utilisation des pesticides qui fixe des objectifs quantitatifs de réduction, arrête un calendrier et définit les mesures et moyens à mettre en oeuvre pour atteindre ces objectifs.*

*(s.) Jean Huss, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Renée Wagener.*

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statssekretär Eugène Berger.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt dem Rapporteur merci soe fir säi ganz ausféierleche Bericht, wou wierklech net méi vill weider derbäi ze flécken ass.

Effektiv geet et hei bei de POPen net ëm zéng Substanzen, mä et sinn der zwielef. Si ginn nach am internationale Jargon als dirty dozen oder les douze salopards bezeechent. Dat si Produiten, déi à l'origine geduecht waren, fir d'Konditioune vun de Mënschen an diverse Beräicher ze verbesseren. Ganz oft gëtt vun Insektiziden, vu Pestiziden geschwat. Do sinn awer och Produiten derbäi, déi zum Beispill ganz interessant oder nëtzlech si bei der Brandbekämpfung. Et huet sech awer erwisen, dass déi Produitë schlussendlech virun allem eng Menace fir d'Biodiversitéit a fir d'Gesondheet vum Mënsch sinn.

Et muss ee soen, dass mëttlerweil vu kengem méi contestéiert gëtt, dass do bei de Produite vill Gefore bestinn. Vill Länner, net nëmmen an Europa mä iwwert déi ganz Welt, an alle Kontinenter, sinn dagdeeglech mat den negativen Auswierkunge vun deene POPe konfrontéiert. De Rapporteur hat vun den Inuitë geschwat, mä et gëtt nach eng ganz Rei vun anere Géigenden, wou d'Leit mat deene Problemer konfrontéiert sinn, wou ee gesäit, dass déi Produite sech an dee ganze Kreeslaf iwwert d'Waasser, d'Planzen, d'Déieren bis an de Mënsch era weider propagéieren an dann do iwwerall hir Auswierkunge weisen.

Déi Auswierkunge gëtt et iwwerall op eisem Globus. Si kenne keng Grenzen an duerfir muss een esou Geforen op internationalem Niveau ugoen. Et ass eng international Démarche néideg. Et muss een och feststellen - an ech selwer hat d'Geleeënheet, fir zu Stockholm derbäi ze sinn, fir déi Konventioun fir de Lëtzebuerger Stat ze signéieren -, dass zum Beispill Länner, wéi d'Vereenegt Staten, déi jo an aneren Domänen, wat den Ëmweltberäich ugeet, oft vill méi zéi sinn, hei awer mëttlerweil ganz asiichteg sinn, vläicht well se an hirem Land, besonnesch an der Géigend vun de grousse Séien am Norde vun de Vereenegte State mat ville Problemer konfrontéiert sinn, esou dass si do op alle Fall Partie prenante sinn, fir weltwäit géint dës Problemer virzegoen.

Duerfir hu mer déi Konventioun vu Stockholm, déi eng global Démarche duerstellt. Si huet natierlech Relatioune mat anere Konventiounen. De Rapporteur huet déi och schonn erwähnt: d'Konventioune vu Rotterdam, vu Basel an esou weider. Mëttlerweil gëtt et net manner wéi aacht europäesch Direktiven an zwee europäesch Reglementer, déi sech de près ou de loin mat där Matière beschäftegen.

De Prinzip vun dëser Konventioun ass deen, fir déi POPen, déi gefäierlech chemesch Produiten, ze reduzéieren, respektiv mëttelfristeg ze eliminéieren.

Een Element an där Konventioun, dat hei net erwähnt ginn ass, ass dat vum Principe de précaution, Prinzip, deen Eingang fonnt huet

an eng international Konventioun. Dat ass u sech ganz interessant, well dat op anere Plazen och net ëmmer esou de Fall ass.

Wat, mengen ech, besonnesch interesséiert bei esou enger Konventioun niewent dem Text, dee mir virleien hunn, ass, wat esou eng Konventioun konkret fir eist d'Lan d bedeit? Wéi ass d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg?

Insbesonnesch hu mer hei zwou bis dräi Kategorien déi relevant si fir d'Situatioun zu Lëtzebuerg. Op där enger Säit dee ganze Beräich PCBen, dann d'Dioxinen an d'Furanen. Dann natierlech d'Pestiziden, déi och hei zu Lëtzebuerg gebraucht ginn.

Wat elo d'PCBen ubelaangt - an dat ass och schonn erwähnt ginn -, ass schonn 1984 en Inventaire vun Apparater mat purem PCB gemaach ginn. Et ass och en Eliminatiounsprogramm opgestallt ginn deemools, dee vum Stat finanzéiert ginn ass. Deen hat grousse Succès an et kann een haut soen, datt zu Lëtzebuerg praktesch keng Apparater méi mat purem PCB iergendwou stinn oder iergendwou nach gebraucht ginn.

Derniewent ass eng diesbezüglech Direktiv 1998 komm mam entspriechende Reglement, wou dann den Inventaire vun den Apparater gemaach ginn ass, wou e Gemësch vun Ueleg mat PCB dran ass. Do muss ënner anerem en Inventaire gemaach gi vun deenen Apparater, déi méi wéi 0,005% PCB am Ueleg hunn. Deen Inventaire ass mëttlerweil gemaach an et huet sech erausgestallt, datt hautdesdaags, also 2002, vun all deenen - et ass jo haaptsächlech an Transformateuren, wou een dat fënnt -, Transformateuren déi nach zu Lëtzebuerg sinn, der nach ongeféier 0,5% sinn, also mol net en halwen Apparat vun 100, wou nach esou Substanzen an där Konzentratioun - dat ass schonn eng relativ niddereg - dra sinn.

Wann een elo einfach mol kuckt, en quantité absolue, wéivill mécht dat dann u PCB? Et ass esou, datt 2001, wann een dat erausgeholl hätt aus deenen Ueleger, mer nach 1.244 Kilo am Land hätten. Awer duerch déi ganz Mesuren, déi mer geholl hunn, an déi Strategien, fir all déi PCBen ze eliminéieren, hu mer d'lescht Joer do och nach gutt geschafft, an haut 2002 sinn am ganze Land nëmme nach ronn 495 Kilo PCB, déi een an deenen eenzelnen Apparater kënnt fannen, wann ee se all géif zesummenzerechnen. Dat ass also eng Réductioun vun 60% innerhalb vun engem Joer. Mir sinn also do wierklech ganz gutt.

Wat elo d'Apparater ubelaangt déi eventuell bei de private Leit stinn, do ass et esou, datt déi kënnen iwwert de Wee vun der Superdreckskëscht déi Saach eliminéieren. Bei all deenen aneren Apparater hu mer eng konzertéiert Aktioun, wou mer Accorden hunn, fir déi Saachen an d'Ausland kënnen ze féieren, fir se do fachgerecht ze eliminéieren.

Eng zweet Kategorie vu POPen, mat där mer hei zu Lëtzebuerg méi konkret an der Vergaangenheet befaasst waren, sinn d'Dioxinen an d'Furanen. Dat sinn u sech keng Produiten, déi elo an enger Fabrik produzéiert ginn, fir zum Beispill ausgestreet ze ginn oder fir iergendwou ugewannt ze ginn, mä dat sinn Offallprodukter vun enger Verbrennung. Haaptsourcë sinn do d'Stolwierker, Aluminiumsfusiounen - do hu mer e Wierk zu Klierf -, an dann och d'Müllverbrennungsanlagen. Hei hu mer zu Lëtzebuerg eng Valeur limite fir Emissiounen vun 0,1 Nanogramm pro Meterkibb a säit 1995 gi regelméisseg bei deenen eenzelnen Installatiounen, déi concernéiert sinn, Miessunge virgeholl.

Ech hu mer haut dee leschte Rapport vun der Ëmweltverwaltung komme gelooss, wou e regelméissege Suivi vun deene concernéierten Installatiounen ass. Effektiv ass an der Vergaangenheet mol bei de Stolwierker punktuell dee Wäert iwwerschratt ginn, wou dann natierlech ëmmer direkt gekuckt ginn ass mam Bedreiwer - dat war ganz oft d'ARBED - fir do kënnen ze intervenéieren, mä datt an der Joresmoyenne - dat wëll ech betounen - op alle Fall ëmmer d'Valeur limite, déi autoriséiert war, ënnerschratt war, also datt ni déi 0,1 Nanogramm pro Meterkibb iwwerschratt gi sinn. Och déi Pointen, déi alt emol deegweis entstan waren, waren och ënnert engem sougenanntene Seuil sanitaire d'intervention. Et huet also ni eng Gefor fir de Mënsch bestan.

Déi Explicatiounen hei, fir ze ënnersträichen, datt Lëtzebuerg fir d'Ëmsetzung vun där Konventioun vill méi wäit fortgeschratt ass, datt mer also do praktesch all d'Hausaufgabe gemaach hunn. Och den Aktiounsplang, dee sech doraus ergëtt, ass schonn deelweis definéiert an ëmrass.

Och an eisem Plan national pour la gestion des déchets, also am Offallwirtschaftsplang, hu mer déi Saache skizzéiert. Et kann een also soen, déi grouss Linne si gezeechent. Effektiv muss een nach kucken am Beräich vun de Pestiziden - do si jo nach Etüden amgaang -, datt een dat an deen Aktiounsplang och konkret kann abréngen.

Eng Fro, déi opgeworf gi war, war eng iwwert d'Qualitéit vum Buedem. Buedemmonitoring, Buedemkadaster, do wëll ech nach eng Kéier drun erënneren, datt mer amgaang sinn e Buedemschutzgesetz auszeschaffen, dat mer an deenen nächste Woche wäerten dem Regierungsrot ënnerbreeden. Och do hu mer esou e Buedemmonitoring fir d'Qualitéit vum Buedem, nieft deene contaminéierte Sitë wuel gemierkt, mä einfach insgesamt hu mer wëlles iwwer d'Qualitéit vum Buedem hei zu Lëtzebuerg regelméisseg e Monitoring ze maachen. Dat kënne mer och an deen Aktiounsplang mat eraschreiwen, respektiv och déi Saachen, déi um Niveau vun der EU lafen.

Et ass esou, datt mer net méi spéit wéi de nächste Méindeg zu Bréissel e Conseil hunn, wou mer nach eng Kéier iwwert d'Politik am Beräich vun de Chemikalien an Europa wäerte schwätzen an dat dann nach eng Kéier wäerten opwerfen.

Ech wéilt alle Riedner merci soe fir hir Interventioun, respektiv fir dee groussen Accord, deen dëse wichtege Projet fënnt.

Här President, ech hunn den Explicatioune vum Här Huss nogelauschtert. Ech hunn déi Motioun virleien, hat bis elo awer nach net d'Geleeënheet, fir se am Détail ze kucken. Ech géif just mengen, dass opgrond vun deenen Explicatiounen, déi ech elo ginn hunn, een erausgesäit, dass mer eng ganz Rei Mesurë scho geholl hunn, mer amgaang sinn en Aktiounsplang opzestellen, an och um Niveau vun der EU amgaang si konkret Fortschrëtt ze maachen.

Ech froen mech, ob déi Motioun am Fong geholl net iwwerflësseg ass, well d'Regierung schonn amgaang ass déi Saachen alleguerten an d'Wee ze leeden.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschoss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4881 a mir stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo of iwwert dee virleiende Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi 4881 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, MM. Laurent Mosar, Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Marco Schroell), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

An dann hu mer nach d'Motioun vum Här Huss virleien.

D'Wuert huet den Här Mehlen.

***Motion***

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, ech wollt e Wuert zur Motioun soen. Si ass mer ganz sympathesch, well wann ech de Lëtzebuerger Baueren eppes Guddes wëllt wënschen, da géing ech wënschen, datt se an Zukunft iwwerhaapt keng Pestizide méi bräichten unzewennen, well dat ass wierklech keng agréabel Saach.

Leider ass d'Realitéit eng aner, mä ech sinn awer absolut mat de grénge Kolleegen d'accord, datt de Stat soll all méiglech Efforte maachen, fir de Baueren ze hëllefen, datt ëmmer manner Pestizide brauchen ugewannt ze ginn.

Ech stéiere mech just bei där Motioun un eppes, datt se am Fong geholl nëmme selektiv den Aspekt vun de Pestizide kuckt. Et gëtt och nach eng Partie aner Quellen, wou ee grad esou konkret Programmes d'action misst lancéieren, fir ze verhënneren, datt där Substanzen, déi vun där Konventioun viséiert oder net viséiert sinn, kënnten an Ëmlaf kommen. Dat féiert mech dozou, sou sympathesch wéi et och ass, fir mech bei där Motioun hei ze enthalen.

M. le Président.- Den Här Alex Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Här President, mir kënnen déi Motioun ënnerstëtzen, quitte dass se keen direkte Lien mat där Diskussioun huet, déi mer elo grad hei haten, mä den Inhalt ass eis ganz sympathesch.

M. le Président.- Mir stëmmen iwwert d'Motioun of.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 34 Nee-Stëmmen, 21 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké).*

*MM. Jean Colombera et Aly Jaerling.*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Paul-Henri Meyers), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Fred Sunnen), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler.*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Den Här Jaerling huet d'Wuert gefrot, fir eng Proposition de loi ze déposéieren. Och esou den Här Colombera.

Ass et déiselwecht?

***(Brouhaha général)***

## 13. Dépôt de deux propositions de loi

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech erlabe mer haut e Gesetzvirschlag ze deponéieren, deen den Artikel IX (5) vum Gesetz vum 28. am Broochmount 2002 iwwert de Rentendësch esou ännert, dass all d'Rentner kënne vun där 0,01% spezial-proportional Majoratioun profitéieren, an net nëmmen déi, déi nom éischte vum Lenz 2002 a Pensioun gaange sinn.

*- Proposition de loi 5061 ayant pour objet de modifier la loi du 28 juin 2002 1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension,*

*2. portant création d'un forfait d'éducation;*

*3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à revenu minimum garanti.*

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean Colombera fir den Dépôt vu senger Proposition de loi.

M. Jean Colombera *(ADR)*.- Här President, ech erlabe mer fir e Gesetzesprojet ze deponéieren, deen d'Gesetz vum 21. November 1980 iwwert d'Organisatioun vun der Gesondheetsdirektioun ofännert, andeems d'Schafung vun enger konsultativer Kommissioun an der Präventiv- a Sozialmedezin agefouert gëtt.

*- Proposition de loi 5062 portant création de la Commission consultative de Médecine préventive et sociale et modifiant la loi du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la Santé.*

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun deenen zwou Propositions de loi. Si gi weidergeleet un de Statsrot an un déi zoustänneg Kommissiounen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir fueren elo weider mat eisem Ordre du jour a kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4837, en Zousazprotokoll zur Schafung vun der Union postale universelle.

Et si schonn ageschriwwen: d'Madame Delvaux, déi Häre Rippinger an Urbany.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

## 14. 4837 - Projet de loi portant approbation du sixième Protocole additionnel à la Constitution de l'Union postale universelle, de la Convention, du Règlement général et de l'Arrangement, signés au Congrès postal universel de Beijing, le 15 septembre 1999

***Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports***

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4837, deen iwwert d'UPU geet, ass chronologesch gesinn den 30. August 2001 déposéiert ginn. Den 19. Mäerz krut en den Avis vum Statsrot, de 4. November ass de Rapporteur désignéiert ginn, de 25. November ass de Rapport adoptéiert ginn, an haut, den 3. Dezember, 15 Méint duerno, schléisse mer dës Prozedur of.

Erlaabt mer e puer Zuelen ze nennen am Kader vum Weltpostnetz am 21. Jorhonnert, dat gigantesch ass. Et muss ee sech virstellen all Dag ginn 1,1 Milliarde Bréiwer an Inlandscourriere verschéckt. Dat maachen am Ganze 413 Milliarde Bréiwer an engem Joer. All Dag gi 24 Millioune Bréiwer iwwert d'Grenzen eraus geschéckt, wat och, wann een dat op ee Joer kuckt, 8,6 Milliarde Courriere mécht. Dat ass wierklech vill.

Wann ee bedenkt, dass am Joer en moyenne 71 Bréiwer vun de Mënsche verschéckt ginn, a wann ee weess, dass an développéierte Länner dat iwwer 400 Envoië sinn, da muss ee feststellen, dass am Ganzen et der tëschent 5 an 33 sinn an de Länner, déi net développéiert sinn.

Da kommenn nach dozou 3,4 Milliarde Postpäck pro Joer. Dat ass och eng Moyenne vun 10 Milliounen den Dag.

Een anere Chiffer, deen och gigantesch ass: 5,9 Millioune Persoune schaffe bei der Post, wat am Fong geholl ee Postbeamten op 1.000 potentiell Clientë mécht, oder och nach 770.000 Büroen iwwert d'ganz Welt. Dann nach déi hallef Millioun motoriséierte Park vun der Post, deen dee gréisste motoriséierte Park vun der Welt ass. D'Post ass e rise Betrib.

Déi Aarbechte vum Kongress vum 26. an 27. August 1999 hu sécherlech eng fundamental Bedeitung. Hei ass et am Fong drëm gaangen, fir en universellt Recht op Kommunikatioun, Erausfuerderung an Opportunitéite fir d'Post ëmzesetzen. D'Objektiver sinn definéiert ginn iwwer 26 Strategien an ech wëll der elo dovu sechs hei résuméieren.

Deen éischte Punkt ass dee vun engem universelle Postdéngscht. Universelle Postdéngscht heescht, dass all Bierger Post ka kréien oder fortschécken iwwert d'ganz Welt.

Dat zweet Element ass dat vun der Qualitéit vum internationale Postnetz. Hei geet et drëm fir sécher, zouverlässeg an effizient Strukturen ze kréien, fir dëse qualitativen Elementer gerecht ze ginn.

En drëtte Punkt ass dee vun der ekonomescher Liewensfähegkeet. Hei soll de Käschtepunkt par rapport zur Effikassitéit optimiséiert ginn, esou dass all Mënsch oder all Client zu erschwéngleche Konditioune vun dësem Service ka profitéieren.

En nächste Punkt, deen een och muss ervirsträichen, ass dee vun de Mäert a vun den nationale Produkter. Hei geet et drëm nei Produiten ze kreéieren, déi de Bedürfnisser an den Erwaardunge vun de Clientë vun der Post entspriechen.

Fënnefte Punkt ass d'Reform an d'Entwécklung vun der Post. Hei soll esou reforméiert ginn, dass déi technologesch Changementer, déi ekonomesch an déi reglementar Strukture kënnen optimiséiert ginn.

De sechste Punkt ass dee vun der Stäerkung a vum Ausbau vun der Zesummenaarbecht tëschent de Partner am Interesse vun de Postsecteuren

Den Detail vun all dëse Punkte vun de Strategien an Objektiver géif ech Iech bieden am Projet de loi, respektiv am schréftleche Rapport vun der Kommissioun nozeliesen.

Niewent dëse strategeschen Décisiounen, déi geholl gi sinn, sinn och de Verwaltungsrot an de Betribsrot erneiert ginn. Tëschent deenen zwee Kongresser ass d'Présidence u Portugal gaangen. D'Recommandatiounen iwwert den zukünftege Rôle vun der Union postale universelle sinn och esou ugaange ginn, dass e Grupp kreéiert ginn ass vu 25 Länner, déi sollen an deenen nächsten zwee Joer Changementer ausschaffe fir d'Strukture vun der UPU. Doniewent ass och nach, fir déi ganz Participatioun ze stimuléieren, e berodende Grupp agesat ginn. Do si regional Poststrukturen, ONGen an och privat Opérateuren dran, déi am Fong geholl lauter interesséiert Parteie vun der Post sinn. Si sollen dann do Detailaarbecht maachen.

Schliesslech ass och nach e Weltforum fir d'Politik vun der Post ageruff ginn. D'Modifikatiounen, déi um 22. Kongress vun der UPU adoptéiert goufen, kënnt Der am Detail am Projet de loi op de Säiten 6 an 11 noliesen, Modifikatiounen, déi sech besonnesch op den interne Fonctionnement vun der Postorganisatioun bezéien.

D'Veränneruge bezéie sech awer och op de sechsten Zousazprotokoll zur Verfassung vum Weltpostverein. Dës Veränneruge bezéie sech op dat generellt Reglement vun der IPU an och op de Schlussprotokoll vun der universeller Postkonventioun.

Schliesslech gëtt och nach den Arrangement betreffend d'Finanzeservicer vun der Post mat Veränneruge befaasst. D'Dispositioune beschränke sech op Elementer iwwert d'Relatiounen tëschent de Regierungen oder awer op anerer, déi fundamentaler Natur sinn, an déi dann d'Ënnerstëtzung vum Kongress brauchen. D'Reglementer, déi aus de Konventioune fléissen, enthale Regelen, déi dem Kongress net musse virgeluegt ginn. Si sinn also komplementar zur Konventioun.

Wat d'Finanzdéngschter vun der Post ugeet, gëtt et Klausele betreffend Postmandater, Postschecken an Titren. Et gëtt do esou geschafft, dass mer a Richtung vun enger Fusioun, vun enger Gruppéierung an enger Harmoniséierung vun den Originaltexter ginn.

De Projet de loi gouf analyséiert vun der Commission des Media de 4. November. Et si keng Observatioune vun de Membere komm. Och de Statsrot huet en Alternativtext verfaasst, deen och keng Oppositioun fonnt huet bei de Memberen, esou dass ee grousse Konsens bei dësem Projet de loi do war. Ech géif lech bieden dëse Projet ze stëmmen an ech bréngen an engems den Accord vun der CSV.

Villmools merci.

M. le Président.- Als éischt Diskussiounsriednerin ass d'Madame Mady Delvaux-Stehres agedroen. D'Madame Delvaux huet d'Wuert.

***Discussion générale***

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP).*- Här President, ech bréngen heimadder den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dëser Konventioun a wollt dem Rapporteur och merci soe fir säi Rapport.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mir soen dem Här Halsdorf, dem Rapporteur, och merci fir saïn ausféierleche Rapport. Ech bréngen och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- An dann ass et um Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, déi Texter, déi eis hei virgeluegt ginn, bedeite jo keng wesentlech Ännerung vun deene bisherege Strukture vun der Union postale internationale.

Et läit allerdéngs en aneren Text vir, wat d'Strategie vun dëser Organisatioun ugeet, deen hei net zum Vote steet, wann ech dat richteg verstanen hunn, deen awer eng Partie Saachen enthält, mat deenen ech net kann d'accord sinn, well en e prinzipiellt Engagement enthält a Richtung vun enger Öffnung vun de Mäert an enger entspriechender Reform vum weltwäite Postsystem. Konkret ëm déi Froe gëtt jo de Moment verhandelt am Kader vun der Welthandelsorganisatioun iwwert d'Liberaliséierung vun de Servicer, an hei gëtt grad vun der EU en däitlechen Drock ausgeübt op d'Entwécklungslänner, zum Beispill op Brasilien a Südafrika, fir hire Service public Post opzemaache fir déi weltwäit Konkurrenz. Et freet ee sech, wéi wäit déi Länner sech deem weltwäite Marchandage do kënne widdersetzen.

Och op Lëtzebuerger Postcliente kënnt jo am Kader vun der kompletter Liberaliséierung vum Service public bis 2009 duerch eng nei europäesch Direktiv jo nach munches zou, wat mir hei nach wäerten diskutéieren.

Fir mäi Bedenke vis-à-vis vun deenen Entwécklungen auszedrécken, déi fir mech net méi eng grouss Effikassitéit fir d'Clientë vun der Post bedeiten, mä virun allem méi eng grouss Profitabilitéit fir déi transnational Konzerner, déi op deem Terrain agéieren, wëll ech mech enthale beim Vote zu dësem Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statssekretär Eugène Berger.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Merci, Här President. D'Regierung seet dem Rapporteur och merci fir säin ausféierleche Rapport zu där Konventioun, déi sécher eng ganz komplex Matière ass. Mir kënne feststellen, datt eng grouss Majoritéit hei an der Chamber kann deem Projet zoustëmmen. Dat freet eis, an d'Regierung seet dofir der Chamber merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4837 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4837.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Schank Marco), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Ady Jung) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jos Scheuer);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4930 iwwer eng Grenzännerung tëschent de Gemengen Nidderaanwen a Sandweiler.

***(Brouhaha général)***

Et si schonn agedroen: déi Häre Klein a Graas. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

Une voix.- Weess deen iwwerhaapt, wou Sandweiler ass?

## 15. 4930 - Projet de loi portant changement de limites entre les communes de Niederanven et de Sandweiler

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures***

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre. Et geet also ëm eng Grenzännerung tëscht de Gemengen Nidderaanwen a Sandweiler.

Dëse Projet fënnt am Fong geholl seng Originen an enger Décisioun vum Gemengerot vun de Gemengen Nidderaanwen a Sandweiler. De 17. Dezember 1998 huet d'Gemeng Nidderaanwen, an den 27. Abrëll 1999 huet d'Gemeng Sandweiler décidéiert dee Changement am Kader vun engem PAP virzehuelen. An dorophin ass dann, den 22. Mäerz 2002, e Projet de loi vum Minister déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis de 4. Juni 2002 ginn. Den 1.Oktober 2002 ass de Rapporteur genannt ginn. De 26. November ass den Avis vum Statsrot gekuckt ginn an och de schréftleche Rapport, dee virläit, ugeholl ginn. An haut stëmme mer dëse Projet dann och.

Et geet drëm dës Limiten unzepassen, a wéi et am Artikel 2 vun der Konstitutioun steet: „Les limites des communes ne peuvent être changées qu'en vertu d'une loi", an dat selwecht steet och am Artikel 2 vum Gemengegesetz: „La modification de leurs limites peuvent se faire que par une loi", musse mer dëse Wee elo goen.

Wann ech den Erklärunge vum Buergermeeschter vu Sandweiler, dem Här John Breuskin, gleewen, ass dëst néideg ginn, well do dräi Elementer beienee komm sinn.

Éischtens ass um Findel e Baukomplex gemaach ginn, wou aacht Büroskomplexer gebaut gi sinn. Zweetens hu mer den Hôtel Ibis, wou Problemer mat der Grenz waren. Drëttens d'Entreprise Lorang.

Beim Baukomplex vun aacht Bürosgebaier wären d'Grenzen duerch zwee Gebaier gaangen an dat wier bei der steierlecher Opdeelung schwiereg ginn. Dofir ass dat dann opgedeelt ginn. Et sinn elo dräi Gebaier op Sandweiler Territoire a fënnef op Nidderaanwener Territoire. Beim Hôtel Ibis waren déi selwecht Problemer. Dee gehéiert elo zur Gemeng Nidderaanwen an d'Entreprise Lorang gehéiert no dësem Projet de loi zur Gemeng Sandweiler.

Dat sinn am Fong geholl d'Erklärungen, fir do eng propper Lag ze hunn. De 4. Juni huet de Statsrot säin Accord marquéiert. A wann Der d'Artikele kuckt: Den Artikel 1, dee mécht d'Changementer vun Nidderaanwen op Sandweiler, den Artikel 2 vu Sandweiler op Nidderaanwen an den Artikel 3, dee mécht d'Flächenidentifizéierung iwwert de Kadaster. Et ass also e Projet dee keng Schwieregkeete mécht. Ech géif lech also bieden dëse Projet ze stëmmen, an ech bréngen och den Accord vun der CSV. Merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Här President, ech soen dem Rapporteur merci fir säi gudde Rapport iwwer eng Rektifikatioun vun de Limiten tëschent de Gemengen Nidderaanwen a Sandweiler. Ech ginn dozou den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Niki Bettendorf.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här President, ech wëll och den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet bréngen.

Ech muss soen, dass dat hei eppes ass, wat vill méi oft misst gemaach ginn, souguer misst promovéiert ginn, well mer wëssen, dass ganz oft an Industriezonen, an Aktivitéitszonen, déi zesummen tëschent zwou Gemenge gemaach ginn, einfach d'Limitë vun de Gemengen duerch d'Gebaier lafen. Dann entsti Problemer beim Verrechne vum Verbauch vum Waasser, bei de Kanaltaxen, beim dem Telefon. All déi Saache musse regléiert ginn, an dofir wier et wichteg, dass am Virfeld vun esou Zonen et zu Grenzännerungen an de Gemenge kéim, déi d'un commun accord tëschent de Gemenge géife getraff ginn, fir dass effektiv besser kéint mat den eenzele Propriétairen ofgerechent ginn. Ech kéint Iech Beispiller opzielen, wou einfach d'Grenzen ...

Plusieurs voix.- Nee, nee, nee.

M. le Président.- Här Bettendorf, Dir hutt nëmmen zwou Minutten zur Verfügung.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Et ass net gewënscht, dass ech lech Beispiller ginn, da brauch ech dat och net ze maachen. Ech wëll da ganz einfach den Accord vun eiser Fraktioun bréngen. Ech soen lech merci.

***(Hilarité générale)***

Une voix.- Très bien, très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statssekretär Eugène Berger.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement*.- Här President, ech wëll dem Rapporteur merci soe fir säi Bericht. Et ass effektiv net usus, datt d'Grenze vu Gemengen duerch Gesetz geännert ginn, an et wär sécher interessant gewiescht, fir do nach weider Beispiller kënnen ze héieren.

Et ass esou, datt praktesch Konstellatiounen am Virfeld stoungen, déi dozou gefouert hunn, fir dat Gesetz hei anzebréngen. Déi zwou Gemengen hunn dat ugefrot an hire gemeinsamen Accord läit vir. Ech kann och feststellen, dass hei och e groussen Accord zu deem Projet ass a wéilt der Chamber dofir merci soen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4930 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4930.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Nico Loes), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Fred Sunnen) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Théo Stendebach), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme*

*Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres) ;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

An da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 4856 iwwert d'Produits biocides. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Hären Halsdorf, Wohlfart, Krieps, Colombera an Huss. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marco Schroell. Den Här Schroell huet d'Wuert.

## 16. 4856 - Projet de loi relatif aux produits biocides

***Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale***

M. Marco Schroell *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mat dësem Projet de loi transposéiere mir eng Direktiv vun der europäescher Kommissioun a Lëtzebuerger Recht, an zwar d'Direktiv 89/8 relative aux produits biocides. D'Ëmsetze vun dëser Direktiv accuséiert ee gewësse Retard. Lëtzebuerg ass de 16. Mee vun dësem Joer vun der Cour de Justice européenne mat engem Arrêt dorun erënnert ginn. Ech wëll awer umierken, dass d'Chamber zu dësem Zäitpunkt schonns voll an den Aarbechten engagéiert war, fir d'europäesch Virgab ëmzesetzen. Dëst nëmmen niewebäi gesot.

Här President, haut setze mir also eng Virlag ëm, déi äusserst technesch ass, an een, deen net an dës Matière ageweit ass, riskéiert net esou richteg ze verstoen ëm wat datt et geet. Dofir wëll ech, ier ech op deen techneschen Aspekt aginn, erklären, wat dann elo e Biozid ass.

Et mierkt een datt dat Wuert Bio, also Liewen, an der Expressioun „biocide" virkënnt. De Wuertdeel „cide" kënnt aus dem Latäineschen „cidere", dat heescht doudmaachen. Dir gesitt, et kann een esouguer ze enger gewësser Missinterpretatioun komme vun deem, wat eigentlech gemengt ass.

E Biozid ass eng aktiv Substanz, oder ee Produit aus enger Mëschung vun e puer aktive Substanzen, déi eng Wierkung op lieweg Organismen hunn. D'Wierkung besteet doranner, dass den Organismus zerstéiert gëtt, oder d'Auswierkung vun dësem Organismus op aner Substanzen oder Produiten, déi solle protégéiert ginn, neutraliséiert oder verhënnert gëtt. Pestizide sinn och eng Form vu Bioziden, déi haaptsächlech an der Landwirtschaft agesat ginn, an net vun dëser Direktiv betraff sinn, well se schonn enger spezieller Reglementatioun ënnerworf sinn.

Biozide ginn an der Alimentatioun gebraucht, fir ze konservéieren oder fir Schädlinge fern ze halen. Si gi gebraucht, fir ze botzen an ze desinfizéieren. Dëst am private Gebrauch an och an der Industrie. Si kënnen och benotzt ginn, fir Material oder Produite resistent géint Auswierkunge vu sou genannte Schädlingen ze maachen. Am Viséier vun de Biozide si Viren, Bakterien a Pilzer vun allen Zorten. Awer och méi grouss Organismen, wéi Algen, Insekten a souguer Mais a Rate kënne viséiert ginn.

Dëst fir ze verhënneren, dass all dës Organismen oder Schädlingen iwwerhand huelen an d'Gesondheet vum Mënsch an Déier a Gefor bréngen. D'Biozide si villsäiteg asetzbar an et gëtt der op d'mannst grad esou vill, wéi et Organisme gëtt, déi en negativen Afloss ausüben. Et gëtt natierlech Bioziden, also Substanzen, déi et och an der Natur gëtt. Et gëtt awer och chemesch Bioziden, déi vun der Industrie extra hiergestallt ginn.

Dës Erläuterunge wierken ëmmer nach zimlech abstrakt. Fir dass Dir lech eppes méi Konkretes iwwert d'Biozide kënnt virstellen, wëll ech lech e puer Beispiller ginn. Ech fänken u mat Botzmëttel, déi jiddfereen doheem am Stot stoen huet a praktesch all Dag asetzt. All Desinfizéierungsmëttel besteet op d'mannst aus enger biozider Substanz an d'Industrie ass ganz erfinderesch, fir hir Botzmëttel ënnert d'Leit ze kréien. Et ginn oft Faarfstoffer bäigemëscht a meeschtens och nach e Parfum, fir dass et nom Botzen soll propper richen.

De bekannteste Produit an dësem Beräich ass den Eau de Javel, deen am Revolutiounsjoer 1789 vum franséische Medeziner Claude de Louis Berthollet zu Javel, engem Viruert vu Paräis, erfonnt ginn ass, fir de Wäschfraen um Bord vun der Seine e Mëttel ze ginn, fir dass hir Wäsch soll nach méi propper ginn. De Javel ass haut net méi aus dem Haushalt ewech ze denken. De Javel mécht propper, hien desinfizéiert, hie bleecht an hien hëlt de Gestank, mä déi mannst wëssen, dass si, wa si de Javel benotzen, eigentlech e Biozid asetzen, eng Substanz, déi elo e reglementaresche Kader kritt.

Bioziden sinn och an den Holzschutzmëttel dran, déi een hëlt, fir doheem Gaardemiwwel aus Holz resistent ze maache géint d'Wieder, oder besser géint déi Organismen, déi d'Holz, wann et fiicht ass, ugräifen an zerstéieren. E Biozid ass oft am Lack oder an der Faarf dran, déi een hëlt, fir unzesträichen. Am Insektespray oder an der Crème géint Moustiquen, wouropper een am Summer gären zréckgräift, sinn och Bioziden dran.

Här President, et läit ganz an der Natur vun der Saach, dass wann een eng Substanz asetzt, déi géint lieweg Organisme virgeet, déiselwecht Substanz awer gläichzäiteg en negativen Effet op de Mënsch selwer kann hunn, oder op d'Déieren an op d'Ëmwelt. Dofir soll ee bei engem Asaz vu Bioziden eng iwwerdriwwen héich Dosis vermeiden. Bei engem Biozid, wou déi negativ Séquellen net méi vertriebar sinn, oder wou eng besser, méi sécher a méi gesond Alternativ besteet, soll een dës benotzen an de schiedleche Produit vum Maart huelen. Dëst ass d'Objektiv vun der Direktiv, déi mir haut an eis Gesetzgebung iwwerhuele wëllen.

Ech sinn elo bei engem méi technesche Volet ukomm. Ech versichen, dëse komplexen a komplizéierten Deel an einfache Wierder zesummenzefaassen. Fir den Detail erlaben ech mir, fir all Interesséierten op d'parlamentaresch Dokumentatioun ze renvoyéiere, wou e sech e vollstännegt Bild ka maache vun der Technicitéit vun allen Dispositiounen.

Wéi schonns gesot, kann an Zukunft nëmme méi eng biozid Substanz um Marché gehandelt ginn, déi virdrun am Kader vun enger Evaluation des risques kontrolléiert ginn ass an déi keng inakzeptabel Risken duerstellt fir d'Gesondheet vum Mënsch, dem Déier an der Ëmwelt. All zougeloosse Substanz gëtt an enger europäesch zentraliséierter Annexe publizéiert. Dës Annexe kënnt also enger Liste positive communautaire gläich. All Substanz, déi net heiranner opgefouert ass, däerf net op de Marché kommen. Conforme zum Prinzip vun der Subsidiaritéit läit et an der Verantwortung vun de Memberslänner, fir déi biozid Substanzen, déi évaluéiert gi sinn, an enger nationaler Lëscht anzeschreiwen. Déi national Lëschte ginn dann an enger gemeinsamer europäescher Positivlëscht zentraliséiert.

D'Direktiv gesäit och vir, dass all Entreprise, déi e Biozid produzéiert an en um Marché ofsëtze wëllt, en Dossier presentéiere muss, dee vun der Direktiv virgeschriwwen ass. D'Autorisatioun, fir de Biozid dierfen ze kommerzialiséieren, gëtt vum Gesondheetsminister ausgestallt. Des Weidere bedéngt d'Reconnaissance mutuelle, dass eng Autorisatioun, déi an engem Membersland ausgestallt gëtt, gläichzäiteg an deenen anere Memberslänner gülteg ass. D'Autorisation de mise sur le marché ënnerläit strenge Kritären, wéi zum Beispill d'Effikassitéit vum Biozid, awer och der Bedingung, dass dës Substanz keng inakzeptabel Nuisancen däerf hunn op de Mënsch, op d'Déieren an op d'Ëmwelt. Dës Evaluatioun geschitt am Kader vun der Applicatioun an am Respekt vum Principe de précaution.

Des Weideren, wéi ech virdru schonn erwähnt hat, bedeit de Principe de substitution, dass eng Substanz, déi erwisenermoossen nuisibel Effeten huet, oder wou de begrënnte Verdacht besteet, dass déi Substanz inakzeptabel Auswierkungen huet, muss duerch eng aner Substanz mat manner Risken ersat ginn. De Principe de sauvegarde gesäit souguer vir, dass e Produit biocide ganz vum Marché muss geholl ginn, wann dëse Produit oder dës Substanz sech als bedenklech oder geféierlech erausstelle soll. Des Weidere sinn d'Autorisatiounen zäitlech op zéng Joer begrenzt a mussen no dësem Délai nei ugefrot an ausgestallt ginn.

Finalement wëll ech nach erwähnen, dass de Gesetzesvirschlag wéi d'Direktiv, streng Dispositioune festhält, wat d'Publicitéit vun de Biozide betrëfft, grad esou wéi d'Confidentialitéit vun de kriteschen Donnéeën, d'Kontrollen an d'Inspektiounen.

Här President, ech hoffen, dass meng Ausféierunge gewisen hunn, dass dës Réglementatioun wichteg ass, an d'Protectioun vun der Gesondheet vum Mënsch an den Déieren, grad esou wéi den Ëmweltschutz am Virdergrond stinn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dovunner sinn ech iwwerzeegt.

M. Marco Schroell *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President vun der LSAP.

***(Hilarité)***

De Konsument soll sécher sinn, dass de Produit, dat heescht deen Désinfectant, dat Botzmëttel, deen Insecticide oder deen Holzlack, deen hie keeft, keng negativ Auswierkungen op seng Gesondheet huet. Dëst Argument eleng misst duergoen, fir dass d'Chamber der Recommandatioun vun der Gesondheetskommissioun nokënnt an dëse Projet de loi unhëlt. Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le President.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4856 geet a sech op eng Direktiv zréck aus dem Joer 1991, d'Direktiv 91/414/CEE iwwert d'Phytopharmacie. An deem Kontext ass festgestallt ginn, dass et Pestizide gëtt, vun deene kee Gebrauch gemaach gëtt an der Landwirtschaft. Et ass gemengt ginn do misst frësch légiféréiert ginn, et misste Produkter definéiert ginn, déi biologesch aktiv wären an en Usage hätten, deen net an der Landwirtschaft wär. A well dee Gebrauch ganz variabel ass, ass d'Iddi vum Biozid entstanen. Dofir dëse Projet de loi, an dofir och mäi Merci un de Rapporteur fir säi ganz ausféierleche Bericht, wou hie wierklech de Biozid als solche positionéiert huet.

E Biozid ass also kee Medikament, dat um Mënsch oder um Déier genotzt gëtt. E Biozid ass kee kosmetescht Produkt. Et huet näischt mat Iesswueren ze dinn, am Sënn dass do Produiten dra gemaach ginn. Et huet näischt mat der Nahrung vun den Déieren ze dinn. Et ass kee Phytopharmaka. E Biozid, deen als Principe actif benotzt gëtt an engem Dispositif médical an engem Spidol, dat kann zum Beispill en Désinfectant sinn, fält net méi ënnert dës Gesetzgebung. Och wann hie radioaktiv ass, fält hien net ënnert d'Gesetzgebung vun de Bioziden.

De Biozid huet also e preventive Charakter, wéi et schonn ugeklongen ass vum Rapporteur, bei Iesswueren, all Zorte vun Objeten, Baumaterialien, wéi zum Beispill Holz. Hie gëtt benotzt doheem am Haushalt, am Spidol, am Cabinet vum Dokter an am Laboratoire. Et ass also e Produit de conservation an e Produit de protection. De Biozid gëtt an allméiglechen Applikatiounen an an allméigleche Beräicher agesat, sief et géint Viren, Bakterien, Hief, Pilz, Raten, Vullen an Algen. Et gëtt also ganz vill Analogien och par rapport zu de Medikamenter. Ech wollt do, well déi strikt reglementéiert ginn, verschidde Parallélismen opzeechnen.

Do gëtt et e Medikament wéi de Lindan, wann et an engem Pudder ass, da kann et geholl ginn, wann ee Fléi um Kapp huet, respektiv bei der Krätz. Op där anerer Säit kann en awer och benotzt ginn als Biozid dobaussen an der Natur.

D'Substanze kënnen awer och natierlecher sinn. Se kënnen also op Nematoden, op Wierm zum Beispill wierken, an do ass et och nees eng Kéier, dass et Produite gëtt fir Mënschen an et gëtt fir d'Ëmwelt. Et kënnen och Pilzen, Insekten, Molluske sinn. De Rapporteur huet alles dat gesot. Wat wichteg ass, den Effet bénéfique muss ëmmer prépondérant sinn. Den nëtzlechen Effekt ass deen, an d'Niewewierkungen op de Mënsch op d'Déier an d'Ëmwelt, déi mussen zréckgesat ginn, esou dass mer hei also Kritären hunn, déi ganz variabel sinn. Mer mussen ee Produit hunn, dee potenziell net schiedlech ass an, wat wichteg ass, all Substanz muss évaluéiert ginn. Risikoe mussen ausgeschloss ginn.

Wat weider nach ganz wichteg ass, dat ass déi géigesätzlech Unerkennung vun deenen eenzelne Länner, par analogie och zu de Medikamenter. Wann een eng Autorisatioun de mise sur le marché an engem Land huet, ass de Produit iwwerall gülteg. De Principe de précaution, de substitution an d'Clause de sauvegarde huet de Rapporteur erkläert an och de Subsidiaritéitsprinzip, wou déi eenzel Länner hir Produite klasséieren an dann dat zentraliséiert gëtt, fir d'Transparenz ze schafen.

Et ass also ganz vill Analogie do zum medikamentöse Beräich, grad esou wat d'Autorisation de mise sur le marché, ugeet, déi zäitlech limitéiert ass, well wann nei Erfahrunge kommen, nei Techniken, een dann och déi néideg Schrëtt ënnerhuele kann, fir d'Leit ze schützen.

De Rapporteur huet och d'schwaarz Seef genannt. Ech fannen dat sinn zwee gutt Beispiller, fir de Leit dobaussen ze weisen ëm wat et hei geet, an och den Eau de javel, den Hypochlorite de sodium, wat also och chemesch Substanze sinn.

Et ass och richteg, well ganz vill Analogien zum medizinesche Beräich sinn, dass just de Ministre de la Santé responsabel ass an net de Ministère de l'Environnement, wéi et ee Moment sollt sinn, dass deen och sollt Avisen hei kënne ginn.

D'Iddi fir dat iwwer Règlement grand-ducal ofzewéckelen, déi ganz Direktiv 98/08/CE, déi ass diskutéiert ginn, awer well jo den Artikel 11 vun der Verfassung seet „que la loi règle la protection de la santé", ass gemengt ginn, hei misst ee Gesetz gemaach ginn an et kéint kee Règlement grand-ducal stattfannen. Et ass awer, mengen ech, dee richtege Wee, fir d'Ausféierungsbestëmmungen iwwer Règlement grand-ducal ze maachen, déi grouss Guidelines gi jo iwwert d'Gesetz festgeluegt.

Déiselwecht Diskussioune gouf et och beim Règlement grand-ducal iwwert d'Modalitéite vun der Iwwerwaachung vun de Bioziden. Do ass, well dat e komplexen an technesche Beräich ass, op e Règlement grand-ducal zréckgegraff ginn, well soss misst bei all Klengegkeet nei légiféréiert ginn, wat ganz schwéierfälleg wär. Do ass och nach d'Diskussioun geféiert ginn iwwert de faible risque vu Produiten. Déi Produiten, déi missten da separat iwwer Règlement grand-ducal géréiert ginn an déi aner net. Do ass et jo awer am Fong geholl um Producteur, fir dat ze beweisen an net un der Administratioun, esou dass d'Kommissioun sech hei op de Wee vum Règlement grand-ducal beginn huet.

Den Informatiounsfloss zwëschent deenen eenzelne Länner schéngt mer ganz wichteg ze sinn. Do wollt d'Regierung och eng Base légale schafen.

***(Interruption)***

Et ass gemengt ginn, et wär eng do. D'accord. Mir hoffen a wënschen eis, dass déi och richteg benotzt gëtt.

Een Artikel, wou ech kuerz wollt drop agoen, dat ass den Artikel 7, dee festleet, dass an extreme Fäll Produiten, déi keng legal Exigencen hunn, trotzdeem op de Maart kënne kommen, wann do e Bedarf ass. Déi däerfen dann 20 Deeg benotzt ginn. De Minister informéiert dann d'Bevölkerung, fir se géint Niewewierkungen ze schützen. Dat ass ganz richteg, mä hei misst ee sech d'Fro stellen, ob de Minister net sollt an all Fall, wann esou eppes ass, d'Leit informéieren, well ëmmer e potenzielle Risque do ass an et net schlecht ass, wann d'Leit am Bild sinn.

Zum Artikel 9 iwwert d'Warnungen, déi sollten an därselwechter Sprooch geféiert gi wéi d'Publizitéit, huet d'Kommissioun, mengen ech, déi richteg Décisioun geholl, well net jiddferee Lëtzebuergesch kann, well am Originalgesetztext stong jo, dass dat op Lëtzebuergesch kënnt verfaasst ginn. Et geet drëm, fir de Verbraucher zu engem virsiichtegen Ëmgoe mat dem Produit ze féieren.

Den Artikel 12 ass e bësschen anescht wéi am medezinesche Beräich, do fléissen déi kommerziell Elementer mat an. Hei sollt et esou sinn, dass geheim Donnéeën zréckgehale kënnte ginn aus kommerziellen Erwägungen eraus. D'Kommissioun war streng a verlaangt eng komplett an eng novollzéibar Justificatioun. Ech mengen, do si mer och de richtege Wee gaangen.

D'Iwwergangsbestëmmunge vun zéng Joer, muss ech soen, do bleiwen da Produiten um Maart, wann een déi nei misst androen, wou vläicht d'Kritären net méi géifen erfëllt ginn. Dat ass eng laang Zäit an do misst een emol kucken,

ob een déi trotzdeem net eng Kéier méi kuerz maache misst. Op d'mannst muss een do ganz vigilant sinn. Mir hunn zwar iwwer Amendementer an der Kommissioun méi e prezisen Text kritt, mä ech géif awer mengen, hei sollt ee ganz vigilant sinn.

Et ass gesot ginn, et ass Urgence. De 16. Mäerz 2002 hu mer nach ee Rappel vum europäesche Geriichtshaff kritt, dass mir missten dës Directiv ëmsetzen.

Et ass awer och geschriwwe ginn am Rapport, et misst no enger gewësser Zäit eng Evaluatioun gemaach gi vun den Incidencen op den Aarbechtsopwand.

Déi Iddi ass net, Här Minister, fir direkt nei Leit anzestellen, mä ech géif mengen, do misst een awer relativ séier handelen, well et ass ee Beräich, dee ganz komplex ass an - wéi soll ech lech soen - wou ech der Meenung sinn, wann ee seet Ëmweltmedezin an alles wat dat mat sech bréngt, do kritt ee verschidde Situatiounen, do ass et och wichteg, dass een d'Biozide richteg cadréiert kritt. Dofir brauch een awer Leit am Ministère, déi dat maachen.

Ech géif mer wënschen, dass hei géif schnellstens eng offensiv Haltung kommen, fir dësem wichtege Beräich och eng wëssenschaftlech Approche ze ginn. Et missten also Toxikologen an Apdikter agestallt ginn oder och soss Spezialisten, a wann d'Kommissioun och punktuell Upassunge gemaach huet am Interesse vum Mënsch, vun der Allgemengheet a vun der Ëmwelt, sou ass et trotzdeem wichteg, dass hei déi wëssenschaftlech Approche mat erafléisst an dass mer dat Ganzt mat engem anere Brëll kucken.

Mir kréien ëmmer méi Leit déi Ekzemen hunn, déi Allergië kréien, déi chronesch Erkrankungen hunn. Dës Tendenz ass wierklech steigend. Mer si gefuerdert an et kommen ëmmer nei Erkenntnisser iwwert d'Auswierkungen op d'Ëmwelt. An esou engem Kontext ass dëse Projet de loi sécherlech ee gudden Ufank, mä en huet e minimalistesche Charakter. Ech géif mengen, mer sinn an där richteger Richtung, mä mer sollte schnell méi prezis ginn an och eis d'Moyene ginn, fir dëst Gesetz gutt ze applizéieren. Awer et ass e wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung a fënnt dofir och d'Zoustëmmung vun der CSV.

Villmools merci!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Georges Wohlfart agedroen. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

M. Georges Wohlfart *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi, deen eis de Mëtteg beschäftegt, ass, wéi de Rapporteur, de Marco Schroell, gesot huet, d'Transpositioun an d'nationaalt Recht vun enger europäescher Direktiv.

Ech mengen, et ass üblech, dass een dem Rapporteur merci seet fir déi Aarbecht, déi e geleescht huet, mä an dësem Fall wëll ech e félicitéiere fir déi kloer Aart a Weis, an där en eng ganz komplex Matière, fir vill vun ons heibannen, duergeluegt, erkläert an explizéiert huet.

***(M. Bettendorf prend la Présidence)***

Mer wëssen, dass am Fong geholl vun 1789 un, wéi duerch den Eau de Javel déi Saach lancéiert ginn ass, Bioziden um Maart sinn, déi wuel eng ganz nëtzlech Saach sinn, mä och eng Saach sinn, déi net fräi ass vun Niewewierkungen op dem Mënsch seng Gesondheet. Dat ass jo och ugeklonge beim Jean-Marie Halsdorf. Ech wëll net an den Detail agoe vun deenen eenzelne Gesondheetsschied, déi kënne beim Mënsch optrieden no enger inadequater Manipulatioun vun deene Substanzen, mä och bei den Hausdéieren an och souguer bei den Déiere am Allgemengen, fir déi si jo am Fong geholl sollen agesat ginn.

Mer hunn hei mat der Direktiv ze dinn an hirem Zil: keng inakzeptabel Risike fir de Mënsch, d'Déier oder d'Ëmwelt. Esou wäit esou gutt, an et ass och richteg, dass de Gesondheetsministère mat sengen zoustännege Servicer d'Kontroll iwwert dës Substanzen an iwwert déi positiv Lëschten - déi och ugeschwat gi si vum Rapporteur -, iwwerhëlt an och zoustänneg ass d'Autorisatiounen.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Villzuel vun de Produkter, ob natierleche Biozid oder och net, déi haut um Maart ugebuede ginn, an och d'Diversitéit vun deenen aktive Substanzen, déi si selwer enthalen, bréngen et mat sech, dass zum Deel schwéier Niewewierkungen op d'Gesondheet vum Mënsch, mä och onnéidegt Leiden a Péng bei den Déiere méiglech sinn, ouni heibäi och déi méiglech Auswierkungen op dat direkt Ëmfeld aus dem A ze verléieren, zum Beispill d'Verseuchungsgefor vun de Sanitäranlagen oder och ähnlech Problemer bei de Ventilatiounssystemer. Ech wëll net an den Detail goen, well et sinn nach Riedner ageschriwwen, déi dat sécherlech wäerte maachen.

Also ass et fir mech kloer, dass eng grouss Virsiicht soll gebuede sinn, och wann Effikassitéit sécherlech vum Konsument gewënscht ass. Zum Beispill bei deene villfältege präventiven Uwennunge géint déi Schied vun deene Liewensmëttel, Ariichtungsgéigestänn, Baumaterialen, Holz kënne betraff ginn.

Déi Iwwerwaachung geschitt duerch e groussherzoglecht Reglement, wat nom Avis vum Statsrot soll geholl ginn an an deem d'Modalitéite vun dëser Iwwerwaachung festgeluegt ginn. Ech hunn am Prinzip domat kee Problem, mä et sinn awer zwou Saachen, wou ech ganz kuerz eng perséinlech Remarque wollt maachen.

Mech stéiert et, dass an deem Text, deen ons virläit, dat Wuert steet: „le règlement grand-ducal peut", an da gëtt eng ganz Rei vu Saachen an Dispositiounen opgefouert, déi an a fir sech richteg a wichteg sinn, mä ech hätt mer awer gewënscht, dass een e bësse méi e contraignant Wuert do agesat hätt.

Zweetes, dass och doniewent d'Méiglechkeet fir eng vereinfacht Prozedur, déi net all dat vum Prozudent verlaangt, wat an deenen normale Prozedure virgesinn ass, kann ugebuede gi bei Präparater mat engem vermeintlech gerénge Risiko.

Ech wollt do awer emol froen, wien definéiert dëse sougenannte minimalen oder klenge Risiko? Mir hunn iwwert déi lescht Joren duerch all Sparte vun der Medezin misse feststellen, datt zum Beispill och bei Medikamenter, déi Jorzéngte laang weltwäit massiv kurativ agesat gi sinn a gutt Resultater haten, no enger gewëssener Zäit awer festgestallt gouf, datt niewent deenen normale Niewewierkungen, déi bekannt ware wéi d'Produkt op de Maart koum, op eng Kéier sech erausgestallt huet, datt ganz gravéierend, fir dem Mënsch seng Gesondheet ganz gefëierlech Niewewierkunge festgestallt gi sinn, an d'Medikament vum Maart huet misse geholl ginn. Do hunn ech perséinlech e Problem. Ech hätt léiwer gesinn, datt mer déi Méiglechkeet net hätten, an datt mir all neit Produkt duerch déiselwecht Prozedur, déi am Règlement grand-ducal virgesinn ass, hätte misse lafe loossen.

Och de Collège médical hat relativ Problemer mat dëser vereinfachter Prozedur, well e seet, de faible risque wier nëmmen dann ze toleréieren, wann en am Fong geholl genügend ënnermauert gi wier vun deene responsablen Instanzen. Dat ass menger Meenung no net ëmmer einfach.

Iwwregens, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sinn esouwuel de Collège médical wéi och de Statsrot, genau wéi d'Chamberskommissioun enger Meenung. Ech mengen, datt de Gesondheetsminister soll déi potentiell Konsumente genee informéieren iwwert déi néideg Moossnamen, fir sech géint Niewewierkunge vun de Produkter, déi um Maart an am Handel sinn, ze schützen.

Zum Artikel 9 wollt ech just nach e Wuert soen, well deen am Fong geholl, menger Meenung no, dat ënnersträicht, wat ech virdru gesot hunn am Kontext mat deem moindre risque.

Am Artikel 9 gëtt gesot, datt wa Reklamm gemaacht gëtt fir déi nei Mëttelen, déi op de Maart kommen, da missten dobäi ganz kloer och Saache stoen, fir d'Leit ze warnen, wéi se sollen dës Produkter handhaben a wéi se ze gebrauche sinn. Mä am Paragraph 2 ass virgesinn, datt op kee Fall däerf Mentioun gemaach ginn, datt dat Produkt, wat ugebuede gëtt, e Produit biocide à faible risque ass. Wa mer dat also schonn net kënnen an der Reklamm soen an awer dat Produkt net einfach wëlle verbidden, ass fir mech nach eng Kéier en Argument fir dat, wat ech viru gesot hunn, ze ënnermaueren.

Nach ee Wuert, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu der Autorisatiounszäit vun zéng Joer. Dat schéngt mer och relativ laang ze sinn. Wann e Produkt um Maart ass a während zéng Joer laang kann een do net ganz vill ënnerhuelen, dann ass dat vum Standpunkt vun der Gesondheetsapproche net onbedéngt dat Gielt vum Ee.

Trotz dëse Kriticken, déi ech un der Gesetzesvirlag elo virbruecht hunn, wëll ech awer ënnersträichen, wéi och meng Virriedner et gemaach hunn, datt et en éischte Schrëtt ass an déi richteg Richtung, ënner enger Konditioun, datt mer éischtens emol eng total Transparenz spille loossen, wat d'Informatioun vum Konsument ugeet am Kader vun engem präventive Gesondheetsschutz, an och zweetens, datt mer d'Moyenë kréien am Ministère an an de Servicer, fir déi Kontrollen, déi do noutwendeg sinn, kënnen duerchzeféieren. Wann dat de Fall sollt sinn an den nächste Joren, an och mat där Oplag, datt mer dat Gesetz hei nach eng Kéier an e puer Joer op de Leescht huelen, kann ech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dëser Ëmsetzung vun der Direktiv bréngen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Wohlfart. Den nächsten Orateur ass den Här Alexandre Krieps.

M. Alexandre Krieps (*DP*).- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, onsen alleréischte Luef geet natierlech un de Rapporteur Marco Schroell, fir säi komplette schrëftleche Bericht a fir säin didaktesche mëndleche Rapport.

Wat bréngt ons d'Ëmsetze vun dëser Direktiv an ons national Gesetzgebung? Wa mir de Gros vun deene Produits biocides als Produits finis importéieren, kréie mer méi Garantien, datt se gepréift si ginn. Et ass ze hoffen, datt dat och gemaach gëtt, a se besser kontrolléiert gi sinn op hir Geféierlechkeet a Verträglechkeet. Also bréngt dëse Projet de loi e bessere Schutz vum Mënsch a vum Déier, e bessere Schutz vum Iesse fir de Mënsch a fir d'Déier, an e bessere Schutz vun inerte Materialien oder Hölzer. D'Schräiner soe jo geméinlech, datt d'Holz laang schafft, wéi ons Dammen och, an dass déi meeschtens zu enger besserer Liewensqualitéit vum Mënsch bäidroen. Dat Gesetz bréngt méi geregelt Verhältnisser beim Iwwerpréiwe vun der Geféierlechkeet vun deene Produiten.

En zweete Luef natierlech muss onbedéngt och un d'Politik goen, un d'Ëmweltorganisatiounen an esouguer un d'Industrie, déi allen dräi an de leschten 30 Joer vill Fortschrëtter erbäigefouert hunn an dësem Domän. Vill geféierlech a ganz geféierlech Produite si lues a lues verschwonnen oder wäerten an Zukunft nach verschwannen.

***(Interruption)***

Alleguer nach net, Madame Wagener, do hutt Dir Recht, mä dat kënnt jo nach. D'Kollektivbewosstsënn gëtt also duerch e Gesetz, wéi dat hei gestäerkt. Um individuelle Plang muss ee wuel soen, datt deen eenzelne Bierger nach ni gezwonge ginn ass, fir dës Produiten ze gebrauchen. Et ass och haut jidderengem erlaabt, fir sech net ze wäschen, fir seng Kleeder net ze botzen, fir säin Iessen zou sech ze huelen, wat zersat ass vu Wierm oder Gréngespoun, sech vu Moustiquë stiechen ze loossen, oder sech mat Esseg oder esouguer Brennesselspif ze desinfizéieren. Ech kënnt där Beispiller nach vill viruféieren. De Virdeel vum Esseg ass, datt mir eng Fabrik am Land hunn.

Frot ons Hausfraen, wat den Eau de Javel hinne bruecht huet an nach brénge wäert. De Gros vun deene Produiten, Madame Wagener, déi mer haut um Maart hunn an am Verbrauch, bréngen dem Mënsch keng Krankheetsgeforen. Si bréngen heiansdo e puer Symptomer. Déi Symptomer gi vum Hoerausfall iwwer Hautreaktiounen, Kappwéi bis hin zum décke Kapp, Nervositéit an haaptsächlech en hypochondrescht Behuelen.

***(Hilarité)***

Ech mengen, Dir kennt mech jo, loosst mech dat do gesot hunn. Wierm an aner mikrobiologesch Killer, Här Huss, hunn dem Mënsch an dem Déier an der Vergaangenheet vill méi geschuet wéi déi Bioziden. An heibannen hoffen ech net, datt iergendeen d'International vun de Kackelacken a vun de Rate vertrëtt. Verschidde Kolleegen hunn an der Kommissioun bedauert, datt déi zéngjähreg Iwwergangsperiod ze laang ass. Ech gleewen och, datt déi Period vläicht laang ass, mä aus techneschen Ursaachen net allzelaang ass.

Leschten Enns gëllt et d'Leit opzefuerderen, fir spuersam mat deene Produiten ëmzegoen an se och ënner Ëmstänn ausser Räichwäit vun de Kanner ze halen, fir domestesch Accidenter ze vermeiden. Ech gleewen, datt d'demokratesch Fraktioun ënnert dem Jean-Paul Rippinger hei mengt, datt dee Projet de loi e gudde Beitrag ass fir d'Verbesserung vun de Ekosystemer vu Mënsch an Déier, an ech gleewen, datt et och e Beitrag ass, Här Di Bartolomeo, zu enger besserer Bionomie, dat heescht d'Gestioun vun der lieweger Welt. Folglech bréngen ech den Accord vun onser Fraktioun zu dësem Projet. Merci villmools.

M. le Président.- Den nächsten Orateur ass den Här Colombera, Här Colombera, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass vläicht net esou einfach, wéi den honorabelen Här Krieps dat hei geschildert huet.

***(Hilarité générale)***

Den Här Halsdorf huet vun engem minimalistesche Charakter geschwat, a mir sinn hei bei engem Projet, wou eng Urgence ass. Dat heescht, dee Projet hätt scho laang missen duerchgesat ginn, mä leider ass dat net geschitt. Dat heescht an anere Wierder, dass de ganze Projet hei nëmme Wand ass.

Fir d'éischt e Merci un de Rapporteur vun dësem Projet, den Här Marco Schroell, fir säi mëndlechen a schréftleche Bericht. Mir beschäftegen eis haut mat engem Gesetzesprojet iwwer biozidesch Produkter, wou een am Prinzip domadder d'accord kéint sinn, well versicht gëtt, fir d'Gesondheet vum Mënsch, vum Déier an d'Ëmwelt ze schützen. U sech ass dat eng nobel Saach.

Wa mer elo den Text méi no studéieren, da gesi mer verschidde Schwaachpunkten, déi ech hei wëll opzielen. Och muss ee sech d'Fro stellen, wien deen heiten Text verfaasst huet. Op jiddfer Fall, war et net en Expert vum Gesondheetswiesen, mä et war en Expert vum Krankheetswiesen.

Ech wéilt mat der Iwwerschréft ufänken a rezitéieren den Här Schroell: Biozide, wat heescht dat? Bio heescht Liewen, cide kënnt vum latäinesche Wuert cidere, dat heescht doudmaachen. Biozide heescht also e Produkt oder eng Substanz wat Liewen doudmécht.

Här President, wann een d'Liewen doudmécht, do kann ee schonn d'Hingerhaut kréien. Mä et ass mëttlerweil gewosst, dass de Mënsch guer kee Problem huet, fir Liewen auszeläschen. Dofir wäerten héchstwahrscheinlech net vill Leit sech dru stéieren, fir dëst Wuert ze gebrauchen. Ech mengersäits hätt éischter d'Wuert xenobiotesch gebraucht. Dat heescht liewensfriem. Also wäit ewech vum Liewen. Wann een elo dat Wuert Biozid am Dictionnaire nokuckt, da stéisst een op dat Wuert Pestizid, also ee chemesche Stoff zur Schädlingsbekämpfung. Esou wäit esou gutt.

An eisem Gesetzesprojet, dee mer haut hei virleien hunn, gëtt awer een Ënnerscheed gemaach tësche Pestiziden, déi an der Landwirtschaft gebraucht ginn, a Pestiziden, déi an den Haushälter gebraucht ginn. Wéi zum Beispill Mëttele fir ze desinfizéieren, Léisungsmëttel, Holzschutzmëttel an aner parasitär Schutzmëttelen.

Et gëtt awer kee Wuert doriwwer gesot, wat op der Aarbechtsplaz geschitt, am Professionellen? Wat geschitt mat deene schwangere Fraen, déi an enger Industrie schaffen an déi esou Léisungsmëttelen ausgeliwwert sinn? An et sinn och dës lescht genannte Mëttelen, ëm déi et sech bei dësem Gesetzesprojet handelt. Biozid ass also de falschen Terme.

Wa mer bedenken, Här President, dass mer e Gesetz hunn - nämlech d'Gesetz vum 20. Februar 1968 -, wou déi zwou Zorte vu Pestiziden an engem Projet abegraff sinn, da gesi mer elo, datt déi landwirtschaftlech Pestiziden an de Landwirtschaftsministère verwise ginn, an d'Haushaltspestiziden an de Gesondheetsministère. Dat ass eng ganz falsch Décisioun, well alles wat d'Gesondheet vun den Déieren ugeet, betrëfft schlussendlech an der biologescher Ketten och de Mënsch. An dat hätt ni däerfe getrennt ginn. Esou weess déi lénks Hand net méi wat déi riets Hand mécht, an déi riets Hand weess net méi wat déi lénks Hand mécht.

Mä leider musse mir - an ech betounen dat Wuert mussen - eng europäesch Direktiv mat der Nummer 98/8/CE vum 16 Februar 1998 ëmsetzen, fir en eenheetleche Maart ze kréien. Mir mussen also erëm eng Kéier dat schlécken, wat déi europäesch bürokratesch Paperassenzentral eis opzwéngt. Mat esou engem Europa kann ech net a wëll ech mech net identifizéieren.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här Colombera, dat sinn d'Länner déi dat maachen. Net eng Zentral. Et sinn déi eenzel Länner, déi dat gemaach hunn.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här Fayot, ech ginn dem Här Huss Recht, wann e seet, mir misste selwer eis Programmer élaboréieren. Mir misste méi Spillraum kréien. Mä deen hu mer hei net. Wéi absurd dëst Gesetz ass, beweist d'Tatsaach, dass nëmmen déi virgenannte Substanzen a Fro kommen: nämlech Holzschutzmëttel, Desinfektiounsmëttel, Faarwen a Lacken. Awer all aner biozidesch Substanzen, déi an de Medikamenter, an de kosmetesche Produkter oder an den Iesswuere sinn - wéi zum Beispill Konservéierungsstoffer oder Faarfstoffer -, déi si vun dësem Gesetz ausgeschloss. An dann téine mir déck iwwert de Schutz vun der Gesondheet vun de Leit a vun den Déieren.

An elo Här President, deen éischten Hummer. D'Autorisatioun vun dëse Produkter ass nëmme méiglech, wann dës Produkter keng inakzeptabel Wierkung fir de Kierper hunn. Dat heescht, datt hei vun Niewewierkunge geschwat gëtt, wéi den Doud, Lähmungen oder Schock, awer et gëtt guer net vu Saachen geschwat, déi den Här Halsdorf opgezielt huet: Ekzema, Angschtzoustänn, Schlofstéierungen, déi eng Vergëftung vum Nervesystem sinn.

An den Här Krieps huet hei op eng ganz hypokritesch Aart a Weis gesot dat wären Hypochonder. Domat sinn ech net d'accord Här Krieps. Mir hunn zwar alleguerten e Remède dofir. Mir kënne sou Symptomer mat Gëftpëllen - entschëllegt Här President -, mat Medikamenter behandelen, awer dovunner wëll ech mech ganz distanzéieren.

Et gëtt ee Low level-Beräich, an ech ginn d'Exempel vum Ethylène Glycol, deem seng Limite mat 0,5% duergestallt ass. Wa mer elo een Zëmmer vu 16 m? usträichen, Här President, dann ass de Risiko, fir krank ze ginn, 1.000mol méi grouss, wéi wann dat Zëmmer net ugestrach gi wier. Trotzdem ass d'Limite vun 0,5% awer eng Norme, déi akzeptéiert ass. Domat kann een net d'accord sinn. Dës Produkter däerfen och keng Resistenzen ausléisen, a si däerfen och keng onnëtz Péng a Leed bei de méi héich entwéckelte Liewewiese provozéieren.

Abee, datt mir nach am Joer 2002 mat Déieren onnëtz Experimenter virhuelen an déi toleréieren, an dat muss een och hei betounen, well déi Medikamenter, déi Mëttelen, egal wéi ee se elo hei wëllt nennen, déi ginn un Déieren experimentéiert, dat ass dem Homo sapiens offensichtlech egal.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

An elo, Här President, den zweeten Hummer. Déi europäesch Direktiv ass vum 16. Februar 1998. Dës Direktiv huet dräi Annexen, nämlech d'Annexe 1, d'Annexe 1a) an d'Annexe 1b), wou déi Biozide agedroe ginn. Dës dräi Annexen, déi si momentan nach eidel. Dat heescht, et steet nach näischt dran. Et däerfen nëmmen aktiv Substanzen autoriséiert ginn, déi op deenen dräi Annexë sinn. Dat heescht, fir de Moment kënnt jo keng a Fro, well déi dräi Annexen eidel sinn. Awer, op där anerer Säit, all Produkt, wat virun dem 14. Mee 2000 um Maart war, dat däerf ouni Problem um Maart bleiwen, sou wéi den Här Krieps gesot huet. D'Eau de Javel och. An anere Wierder, all déi gëfteg Substanzen, wéi de Lindan, Parathion, Formaldehyd, Quecksëlwerverbindungen an esou weider, déi däerfe weiderhi gebraucht ginn. Här President, dat schéngt mir awer net am Sënn vun enger präventiver Gesondheetspolitik sinn, fir de Mënsch, d'Déieren an d'Ëmwelt ze schützen.

Da gëtt gesot, Här President, datt alleguerten déi Substanzen, déi nëmmen ee klenge Gesondheetsrisiko hunn, eng vereinfacht Autorisatiounsprozedur wäerten duerchlafen. Et soll mir, wann ech gelift, een heibanne soen - an den Här Wohlfart huet mat Recht drop higewisen -, wat dat heescht, ee klengen Gesondheetsrisiko? Et ass bekannt, datt d'Additioun vu Gëftstoffer obligatoresch zu Immunschwächt féiert.

Da gëtt an dësem Gesetzesprojet och vun engem Règlement grand-ducal geschwat, deen nach komme wäert. Mä wéini, Här Minister, kënnt dëse Règlement grand-ducal? A wat wëllt Dir domadder soen? Mir haten awer och festgehalen, datt mer kee Gesetz méi géife stëmmen, ouni datt de Règlement grand-ducal annexéiert wier.

Mam Artikel 12 hunn ech och meng Schwieregkeeten. Do steet geschriwwen, datt de Minister décidéiert, datt verschidden Informatioune vertraulech kënne behandelt ginn, an net ënnert d'Leit däerfte kommen. Dat schéngt mer awer ee ganz onglécklechen Artikel, Här Minister. Et wär besser gewiescht, fir op dësen Artikel ze verzichten. Op jiddfer Fall, Här Minister, hätt ech gären eng ganz offiziell Stellungsnahm zu dësem Artikel.

Wat heescht hei eng vertraulech Informatioun zwëschen dem Hiersteller vun engem Produkt an dem zoustännege Minister? Erkläert eis dat wann ech gelift, Dir sidd jo bereet zum Dialog an zur Transparenz. D'Fazit vun dësem Gesetzesprojet ass, datt dëse Gesetzesprojet zevill restriktiv ugeluegt ass, hyperselektiv ass an e minimalisteschem Charakter huet.

Och ass dëse Gesetzestext ee weidere Schratt zu engem zentraliséierten Europa, vun deem mir eis als ADR distanzéieren. Dëse Gesetzestext ass geduecht, fir d'Leit ze berouegen. Et ass awer eng falsch Sécherheet. Dëse Gesetzestext erlaabt weider Fuerschung ze bedreiwen um Bockel vun den Déieren als Versuchskarnickel.

Weider schwätzt d'Direktiv 98/8/CE vu positive communautaire Lëschten. Wann ech de Begréff positiv Lëscht héieren, Här President, da geet bei mir e Warnsignal un. Mir wësse ganz genau, wat déi positiv Lëscht vun de Medikamenter eis hei zu Lëtzebuerg bruecht huet, nämlech dass d'homeopathesch Medikamenter net méi zréckbezuelt ginn. Hoffentlech wäert déi positiv communautaire Lëscht sech vun deene genmanipuléierte Virusen oder Mikroben distanzéieren. Et wär net onméiglech, an och net contraire zu dësem Gesetz, wann esou genmanipuléiert Mikroorganisme géifen agesat ginn.

Hei ass an Zukunft alles méiglech.

Här President, ech hunn e ganz onwuelt Gefill, wann ech dëst Gesetz liesen. Ech géif menger Fraktioun proposéieren, wéinst esou vill Ongereimtheeten, dëst Gesetz ofzelehnen, obschonn dat Gesetz vläicht gutt ass.

***(Brouhaha général)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Also neen, entweder et ass gutt oder et ass net gutt.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Am Prinzip ass et gutt, Här Di Bartolomeo, et soll een eppes maache fir déi preventiv Medizin, mä esou wéi dat Gesetz hei duergeluegt ginn ass, domat kënne mir net d'accord sinn. Ech géif menger Fraktioun proposéieren, fir dat Gesetz hei ofzelehnen. Merci.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Projet de loi 4856 baséiert op der EU-Direktiv 98/8/CE, déi op de 16. Februar 1998 datéiert ass an déi eigentlech hätt missten innerhalb vun zwee Joer ëmgesat ginn.

D'Zil vun dëser Direktiv ass d'Réglementatioun vun der Zouloossung vu Bioziden, dat heescht haaptsächlech vun Désinfectanten, Holzschutzmëttel, Insektiziden an esou virun an Innenraim, dat heescht doheem an der Wunnéng oder a Büroen. Et soll sech ëm ronn 1.400 verschidde Wierkstoffer handelen, woubäi dann eng sou genannte Positivlëscht vun akzeptéierte Produite soll erstallt ginn.

Zu dësem Projet, zu dëser Direktiv kann een am Fong zwou méiglech Haltungen hunn. Et kéint een éischtens soen, dass et skandaléis ass, dass et bis zu dësem Dag iwwerhaapt keng Regelunge fir Bioziden an den Innenraim ginn ass. Dat ass e Skandal, wann ee weess, dass duerch déi Absenz hei am Land honnerte vu Leit an am Ausland, an de gréissere Länner, wahrscheinlech zéngdausenden, wann net honnertdausende vu Leit duerch esou Bioziden, wéi zum Beispill Holzschutzmëttel, an hirer Gesondheet dramatesch geschiedegt gi sinn. Et kann een natierlech och, wann een déi Saach méi positiv gesäit, soen: Okay, et ass bis haut näischt geschitt, mä elo geschitt jo endlech eppes an et ass gutt, dass iwwerhaapt endlech eppes geschitt.

Bon, als Politiker ass et natierlech kloer, dass een ëmmer Verbesserunge vu schlechte Situatioune soll ënnerstëtzen, wat eis - dat muss ech awer hei soen - an dësem Fall ganz schwéier fält, well d'Verbesserungen an dësem Projet de loi an an dëser Direktiv, zwar an déi richteg Richtung weisen, awer fir eis bei Wäitem net wäit genuch ginn, a well eng Rei vun Dispositiounen a Punkten dra sinn, déi fir eis strictement inakzeptabel sinn. Dat ass de Grond, firwat dass mir net fir déi Direktiv wäerte stëmmen. Mir stëmmen net dogéint, mä mir wäerten eis aus deene Grënn enthalen. Mä wourëmmer geet et iwwerhaapt bei dëser Diskussioun?

Dir Dammen an Dir Hären, schonns ufanks vun den 80 Joren sinn an e puer Länner ronderëm eis Gesondheetsproblemer opgetaucht a Relatioun mat Chemikalien, déi an Haushalter oder Büroen agebaut gi sinn, zum Beispill duerch Insektiziden, Désinfectanten, Holzschutzmëttel an esou virun, oder déi an den Haiser versprëtzt gi sinn. Den éischte grousse Verbraucherschutz- a Gesondheetsskandal an deem dote Kontext war an Däitschland, an zwar dee berüchtegten Holzschutzmëttelprozess ëm de Stoff Pentachlorphenol, en Holzschutzmëttel aus den 80er Joren, wou zéngdausende vu Leit an Däitschland doduerch geschiedegt gi sinn an hirer Gesondheet. Och hei zu Lëtzebuerg si Leit - dat ass eis bekannt - geschiedegt ginn eleng duerch deen dote Stoff an hiren Haiser.

Ongeféier vun 1990 un ass allgemeng ëmmer méi staark vun Innenraumbelastungen oder vu Wunngëfter geschwat ginn. Am englesche Sproochgebrauch huet dat geheescht Indoor pollution oder Sick-Building-Syndrom. Trotzdeem, an dat ass skandaléis, ass elo zéng Joer laang, vun 1990 un, obscho vun Indoor pollution geschwat ginn ass, näischt geschitt. Elo eréischt, iwwert dës europäesch Direktiv an iwwert dëse Projet de loi, soll et zu gesetzlechen Zouloossungsbeschränkungen oder Regelunge kommen, obschonn an deene leschte Joren d'Leit an de renovéierte Wunnenge krank gi sinn, an dat geschitt och nach haut an de Wunnengen.

Ech erlabe mer Iech e puer Fakten an Zuelen ze nennen, fir d'Belaaschtung vu ville Wunnengen hei am Land mä och europawäit, mat dëse gëftege Stoffer ze illustréieren. Ech hunn eng kleng Zeitungsnotiz hei vum 28. Mee 2002 aus enger däitscher Zeitung iwwer eng Etüd vum World Wide Fund for Nature a vun der Verbraucherzentral vun Nordrhein-Westfalen, an ech zitéieren: „Die deutschen Haushalte sind mit hochgiftigen gesundheitsschädlichen Chemikalien verseucht." An där klenger Notiz gëtt virun allem vu Bioziden a Wunnraim geschwat, zum Beispill vu Mëttelen zur Schädlingsbekämpfung oder vu Mëttelen, déi an Teppecher enthale sinn, Permethrin an esou virun, déi souguer Wollsiegel gepréift sinn, déi anscheinend och ganz staarkt solle sinn, déi awer a Wierklechkeet Pyrethroiden degagéieren.

Eng zweet kuerz Notiz: Laut rezente Moossunge vum däitsche Bundesbauministerium, emol net vum Ëmweltministerium oder vum Gesondheetsministerium, sinn an de Feinstëbser an an der Loft vun de Wunnraim an däitsche Wunnenge méi wéi dausend gëfteg Substanze festgestallt ginn. D'Moyenne vun deene Wunnengen, déi ënnersicht gi sinn, huet erginn, dass d'Loftbelaaschtung duerch d'Feinstëbser an der Wunneng selwer, also d'gazeuse Belaaschtung, sechs- bis aachtmol méi héich war wéi an der Ausseloft. Ech mengen, dass esou Belaaschtungen an engem Wunnraum awer missten ze denke ginn, fir da vläicht eng Iddi méi wäit denken ze kënnen, wéi dat den honorablen Här Krieps hei gemaach huet, dee vun Hypochonder geschwat huet.

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Dat waren Är däitsch Kolleegen, déi Gréng. Déi sëtzen dach an der Regierung. Wat maachen déi da géint déi dote Problematik?

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Ech géif soen, Här Krieps, dass déi däitsch Gréng an där dote Saach mat Sécherheet vill méi gemaach hunn, wéi Är Demokratesch Partei hei zu Lëtzebuerg. Si hunn a mengen An nach net genuch doranner gemaach, ganz einfach, well et wierklech, wéi den Här Schroell richteg gesot huet, eng komplex Problematik ass. Dat ass ganz richteg, mä si sinn awer dobäi a si sinn déi Kraaft an Däitschland, déi am meeschten op deem doten Terrain geschafft huet a schafft.

En drëtte kuerzen Hiweis, Här Krieps: Zënter 1994 huet hei zu Lëtzebuerg d'Lëtzebuerger Ëmweltambulanz am Ministère de la Santé ronn 350 bis 400 Wunnénge pro Joer op Bioziden ënner anerem ënnersicht. Och hei zu Lëtzebuerg si ganz heefeg Belaaschtungen an den Haiser mat Bioziden, zum Beispill mat Pentachlorphenol, mat Lindan oder mat Pyrethroidë festgestallt ginn, an neierdéngs och mat anere Substanzen, wéi Flammschutzmëttel, Weichmacher an esou virun, déi d'Gesondheet schiedege kënnen.

Vläicht eng Zuel, fir Iech deen Aspekt vun den Holzschutzmëttel ze illustréieren. Um europäesche Marché si 1.500 verschidden Holzschutzmëttel ongepréift op Gesondheetsschied am fräie Verkaf. Elo eréischt soll ugefaange ginn esou Mëttelen ze préifen, fir se zu enger Zouloossung ze bréngen. Dat sinn d'Realitéiten.

Véierte Punkt: Net nëmmen, dass hei zu Lëtzebuerg an de Wunnengen héich Konzentratioune fonnt gi si vun esou Substanzen, mä hei zu Lëtzebuerg ass et zu deem komm, wat den honorablen Här Halsdorf gesot huet, dass ëmmer méi Krankheeten opkommen, déi a Relatioun mat deene Wunnraumbelaaschtunge stinn. Zum Beispill gëtt et ëmmer méi staark Polyneurophatien, dat heescht Nervesystembelaaschtungen, awer och Immunstéierungen, Allergien, Kriibs, an esou virun. Och psychesch Belaaschtungen, déi domadder a Relatioun bruecht kënne ginn, sinn hei a Lëtzebuerg opgetratt.

Mir hunn neierdéngs déi éischte Fäll vun der sou genannter Multiple chemical sensitivity, dat heescht, wou Dir Leit hutt, déi och Ären Eau de Javel, Här Schroell, emol net méi kënne richen, déi deen emol net méi verdroen. Dat sinn, Gott sei Dank, nach Eenzelfäll, mä mir kenne bei AKUT hei am Land perséinlech eng Rei vu Fäll, déi esou wäit sinn, dass si iwwerhaapt keng Chemikalië méi verdroe kënnen.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Entschëllegt, Här Huss, Dir kënnt jo awer net soen, dass um Niveau vum Contrôle vun de Wunnéngen näischt geschitt wär.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här Wagner, ech hunn elo just gesot, dass eppes geschitt ass. Ech hu gesot, dass all Joer Wunnéngen ënnersicht gi sinn, an dass dobäi Saachen erausfonnt gi sinn. Ech hunn Iech jo elo kee Reproche gemaach. Ech hu gesot, dass Wunnéngen dorop ënnersicht gi sinn, an dass et festgestallt ginn ass. Dat heescht de Problem besteet. Ech soe just: Et ass skandaléis, dass déi Saachen während zéng Joer festgestallt gi sinn, dass awer näischt ënnerholl ginn ass, fir dem Problem entgéint ze wierken, dass keng Preventioun gemaach ginn ass, weder hei a Lëtzebuerg nach um europäesche Plang, fir ze verhënneren, dass esou Substanzen iwwerhaapt kënnen an d'Haiser gelaangen.

Fënnefte Punkt: Well ech niewent mengem Deputéiertemandat zënter zéng Joer elo bei AKUT an der Berodungsgrupp schaffen, weess ech an hunn ech konkret gesinn, wat d'Gesondheetsschied si vu Leit, déi ënner Wunngëfter gelidden hunn a wat fir e perséinlecht Leed déi Betraffen hu misste matmaachen. Si hunn net nëmmen hir Gesondheet geschiedegt gesinn, mä si hunn heiansdo ganz deier Sanéierunge vun hiren Haiser, vu Wunnraim a vu Schlofzëmmeren misste maachen, wat si d'An aus dem Kapp kascht huet. Hir Gesondheet war trotzdeem geschiedegt. Ech mengen, dat si Fakten, déi mir mussen an deem dote Kontext festhalen.

Eppes, Här Wagner, fir Iech dann nach méi entgéint ze kommen. Et ass dofir begréissenswäert, souguer absolut begréissenswäert, dass Dir et ënnerstëtzt hutt, dass hei a Lëtzebuerg eng Partie Medeziner konnten eng ëmweltmedezinesch Weiderbildung maachen. Et sinn der elo 23, déi vun Iech den Diplom iwwerreecht kritt hunn ufanks Oktober. Dat ass eng absolut begréissenswäert Initiativ, déi weist, dass vun Iech, mindestens am Ënnerscheed zum Här Krieps, déi Problematik vun der Ëmweltmedizin seriö geholl gëtt.

Et ass gutt esou, dass déi Medeziner déi Ausbildung kritt hunn, mä vill besser wier, an eisen An, oder mindestens grad esou wichteg, awer och preventiv dofir ze suergen, dass d'Leit net méi duerch Wunngëfter kënne krank ginn. Wat heescht preventiv handelen? Dat heescht esou Substanze wéi Bioziden, däerfen net zougelooss ginn, wa si an Innenraim Mënsche krankmaachen.

Bis elo ass, wéi gesot, praktesch alles do erlaabt gewiescht. Et war en totale Fräiraum fir d'chemesch Industrie, fir egal wat op de Marché ze bréngen, mat egal wat, wat op den Etiquetten huet dierfe stoen, bei Produiten déi staark nerveschiedlech ware stoung dann nach Biokill op der Etiquette, obwuel Pyrethroiden dran enthale sinn.

Bon, ech hunn am Ufank gesot, wourëmmer et beim Projet konkret geet, nämlech ëm en neit Zouloossungsverfahren an och ëm eng esou genannte positiv Lëscht vun den zougeloossene Bioziden. Ech hunn och gesot, datt mer zumindest elo en éischte richtege Schrëtt maachen an eng richteg Richtung. Et sinn an där Direktiv an am Projet och eng Rei positiv Punkten op déi ee kann hiweisen.

Ech fannen, fir der nëmmen zwee erauszegräifen, et positiv, datt mindestens an der Direktiv am Artikel 3.7 vun der Kommissioun gesot gëtt, datt misst drop higewierkt ginn, fir de Biozidgebrauch op e strikte Minimum anzeschränken. Och fannen ech et positiv, datt am Artikel 32 vun der Direktiv iwwert d'Clause de sauvegarde den eenzele Staten et erlaabt gëtt, e Produit am Gebrauch ze limitéieren oder ganz ze verbidden, wann d'Vermutung an deem Stat konnt begrënnt ginn, datt et zu Gesondheetsschied duerch dee Produit géif kommen. Mä, dësen éischte Schrëtt an déi richteg Richtung geet eis, wéi gesot, bei wäitem net wäit genuch.

Deene positive Punkte stinn allerdéngs eng Rei vun negative Punkte vis-à-vis, déi vun enger Rei vu menge Virriedner och schonn hei virbruecht gi sinn. An eisen Ae si grondsätzlech all chemesch Biozide problematesch an et wier dréngend noutwendeg, also preventiv, fir d'éischt emol eng Kéier eng Information globale ze maachen, breet ugeluegten Informatiounscampagnen ze maache par rapport zu der Opinion publique, fir d'Leit ze warne virun engem Gebrauch vu Produiten, déi wierklech hir Gesondheet kënne schiedegen. An zwar esouwuel am Haus wéi och am Hobbyberäich, wou d'Leit esou Saachen asetzen, oder zum Beispill am Virgäertchen, wou se sprëtzen, awer jee nodeem wéi d'Wandrichtung ass, kommen duerch déi oppen Terrassendier, d'Produiten an d'Haus eran.

Déi eenzeg gutt Bioziden, a mengen Aen, déi et gëtt, dat sinn déi Bioziden, déi iwwerhaapt net gebraucht ginn.

En zweete Punkt, an dat ass eis Aschätzung, bleift, och mat där virleiender Direktiv a mat dësem Projet de loi, de Verbraucherschutz an de Gesondheetsschutz absolut onkomplett. Et gëtt keen ausreichende Schutz vum Immunsystem an dem Nervesystem vun de Mënsche garantéiert.

En drëtte Punkt -wat dräi Virriedner scho gesot hunn -, an ech sinn do absolut d'accord, zum Beispill mam Här Wohlfart, och mam Här Colombera, dat sinn déi sougenannte Substances à faible toxicité, déi sollen iwwer Procédures d'autorisation simplifiées kënnen op de Marché kommen. Dat ass fir eis inakzeptabel, well d'Definitioun vun der sougenannter faible toxicité absolut onkloer an zweiwelhaft ass. Esou ginn zum Beispill vun der chemescher Industrie Pyrethroiden als praktesch harmlos duergestallt, während op där anerer Säit kritesch Toxikologen an Ëmweltmedeziner vun engem héijen neurotoxesche Potenzial schwätzen. Se bréngen dës Substanzen heefech mat Krankheeten a Relatioun.

Véierte Punkt, dee mer keng Zefriddenheet gëtt, dat sinn d'Testmethode mat deenen d'Toxicitéit vun de Substanzen évaluéiert gëtt. Déi ginn an den Annexë beschriwwen. Wat gëtt do gesot? Do gëtt eng Rei vu positive Punkte natierlech och erwähnt, et gëtt op Kriibs ënnersicht, et gëtt ënnersicht ob se Ierfschied kënne maachen, et gëtt ënnersicht, ob et Sensibiliséierung ass an esou virun. Dat sinn alles ganz richteg Saachen, noutwendeg Saachen. D'Neurotoxicitéit misst, an eisen Aen, vill méi staark an dësem Beräich ënnersicht ginn.

Déi Tester, wéi ginn déi gemaach? Den Här Colombera huet scho vun den Déiereversucher geschwat. Déi Tester ginn haaptsächlech an Déiereversich iwwert d'Fidderung gemaach. Dat heescht, d'Déiere kréien déi Substanzen an d'Fudder gemaach an da friesse se dat. Oder et ginn Tester mat Zellkulture gemaach, mä dat sinn haaptsächlech d'Kuerzzäitversich, an zwar Kuerzzäitversich un enger eenzeger Substanz.

D'Realitéit vu Wunnraumbelaaschtunge mat Bioziden, an och mat anere Stoffer, ass awer komplett anescht. D'Expositioun vun de Leit, vun de Kanner an hire Schlofzëmmer ass praktesch ni déi vun enger eenzeger Substanz, mä et ass praktesch ëmmer e Substanzgemësch. E Mix vu verschiddene Bioziden an anere Chemikalien, oder och ganz oft Léisungsmëttel, wou mer d'Synergien dovun an d'Kombinatiounswierkung mol haut net kënnen évaluéieren, mä déi awer krank kënne maachen.

D'Expositioun verleeft och net wéi am Déiereversuch iwwert d'Bäimëschung vu Fudder, mä bei de Leit an hiren Haiser haaptsächlech iwwert d'Anotmen, iwwert d'Inhalatioun, zum Beispill bei Holzschutzmëttel. Inhaléiert Holzschutzmëttel si vill méi gefäierlech, wéi dat iwwert gefiddert Mëttelen an engem Déierefudder de Fall ass, well duerch d'Otmung kommen déi Produkter direkt an de Nervesystem a schiedegen dann den Nerven- an den Immunsystem.

Doniewent kënnt, datt beim Déier Kuerzzäitversicher do sinn, an datt de Mënsch, deen awer konkret engem Léisungsmëttelgemësch oder engem Biozidgemësch ausgesat ass, jorelaang deemselwechte Gemësch ausgesat ass, a sengen Zëmmeren an a sengem Schlofzëmmer, während am Déiereversuch dat nëmme kuerz ass, sou datt een déi Saachen iwwerhaapt net ka vergläichen. Wann ee seet vum Déiereversuch hier ass et net gefäierlech, dat geet mir net duer, fir ze soen, datt dat och fir de Mënsch net gefäierlech ass.

E véierte Punkt vu Kritiken, dee fir eis inakzeptabel ass, ass deen, deen och schonn erwähnt ginn ass, nämlech de Problem vun den Iwwergangszäiten am Artikel 19 vum Projet de loi. Iwwergangszäite fir déi al Bioziden, déi also nach däerfe bis 2010 um Marché bleiwen. Dat bedeit am Kloertext, datt all déi al Substanzen, déi dausende Leit noweisbar krank gemaach hunn, nach aacht Joer elo solle weider kënne fräi verkeeflech sinn an nach aacht Joer solle weider kënnen nei Leit krank maachen. Dat ass fir eis inakzeptabel.

Wann een e Problem huet vun Iwwergangszäiten, wann dat seriö soll si vun Iwwergangszäiten, dann hätt ech mer kënne virstellen, datt een hätt kënne soe eventuell zwee Joer, oder mol nach dräi Joer Iwwergangszäit. An da Schluss. Awer net nach bis an d'Joer 2010. Och dat ass ee Grond, firwat datt mir déi dee Projet net kënne stëmmen.

E weidere Punkt, fir dat ze illustréieren an – ech si gläich fäerdeg, och wann ech Iech nervös maachen -, fir zum Deel d'Absurditéit vun dëser Direktiv hei ze illustréieren. Dräi Beispiller nëmmen. Et gi beispillsweis zwee héichgefäierlech Pestiziden, also Bioziden, nämlech de Lindan an de Methoxychlor. Déi däerfen ab d'Halschent dësem Joer an der Landwirtschaft, also dobaussen an der Loft, net méi gesprëtzt ginn. Awer an der Schädlingsbekämpfung doheem, an den eegene Raim, an der eegener Wunnéng, oder am Holzschutzmëttel, do bleiwen déi Substanzen erlaabt, Dat ass fir mech eng Absurditéit.

Dat selwecht gëllt fir deen anere Stoff, fir een berühmte Pyrethroide, de Permethrine, wou genau déi selwecht Situatioun do ass. An der Landwirtschaft däerf en net méi agesat ginn, awer doheem am eegene Schlofzëmmer, do ka roueg domadder gesprëtzt gi géint d'Insekten. Dat ass fir mech eng Absurditéit déi weist, wat fir eng Widersprëch och nach an dëser Direktiv dra sinn.

***(Interruption et coups de cloche de la Présidence)***

Här Scheuer, ech erlaben lech wierklech hei mir net nozelauschteren, wann et lech net gefält, wat ech hei soen. Ech kann lech nëmme soen, wann Der lech...

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Ech wëll elo net widderhuelen, wat Der gesot hutt.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- ...eng kleng Iddi iwwert dëse Sujet informéiert hätt, esou wéi Äre Spriecher, deen hei geschwat huet, den Här Wohlfart, da wéisst Der, datt ech hei kee Blödsinn schwätzen, mä datt dat Realitéite sinn.

***(Interruptions)***

E leschte Kritikpunkt, Dir Dammen an Dir Hären, ass den Artikel 20 vum Gesetz, deen och vum Här Halsdorf richtegerweis hei zitéiert ginn ass, wou et nämlech dem Ministère vun der Santé elo erlaabt ass, fir bis zu véier Expären direkt anzestellen. Dat ass, an eisen Aen, absolut an drëngend noutwendeg, well mir der Meenung sinn, datt net nëmmen Äre Ministère, Här Gesondheetsminister, mä och de Statslabo personalméisseg gesinn nach ganz staark ënneréquipéiert sinn, an datt do wierklech drëngend misst eppes gemaach ginn, fir och esou eng Direktiv kënne seriö ze kontrolléieren, duerchzesetzen an ëmzesetzen, fir datt dat iwwerhaapt méiglecht kënnt ginn.

Vun eis aus hätt Der all Ënnerstëtzung, déi véier Leit direkt ze sichen a se anzestellen, och wann Der misst op den auslännesche Marché goen, fir do en Toxikolog oder e Biolog anzestellen. Dat wier an deem Fall ganz egal. Wann een eng Direktiv duerch e Projet wëllt ëmsetzen, da muss ee sech d'Moyene ginn, fir dat ze maachen. Da braucht Der dat Personal, fir dat ze maachen. Och do sot Der, mer kucken emol, mer waarden emol of, mer kucken emol fir an een, zwee Joer. Dat ass fir eis keng Haltung, déi seriö ass.

Bon, dat, Dir Dammen an Dir Hären, sinn déi véier Haaptpunkte vu Kritik déi mer un där Direktiv an och un dësem Projet de loi hunn. Et geet zum Deel an eng richteg Richtung, datt iwwerhaapt elo mol eppes gemaach gëtt, mä et geet eis net wäit genuch. Et si Widdersprëch dran, et si Feeler dran, an aus deem Grond kënne mer déi Direktiv, dee Projet, esou net stëmmen. Mir wäerten eis duerfir dobäi enthalen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech relativ kuerz faassen. Ech wëll fir d'éischt selbstverständlech och dem Rapporteur fir deen excellenten an explizite Rapport félicitéieren.

Erlaabt mer vläicht e puer Umierkungen. Dat éischt, dat ass, an dat ass schonn ervirgeklongen, dass et effectivement e Projet de loi ass, dee komplex a schwéier ass. Ech muss och soen, dass mer dofir net sollen d'Prétentioun hunn, bei deem heite Projet de loi alles esou gemaach ze hunn, wéi et hätt sollte sinn. Ech mengen éischter, mir kéinte soen, mir hätten dat gemaach no eisem beschte Kënnen a Wësse vun dësem Moment. Il va de soi, dass een no enger gewëssener Erfahrungszäit vläicht muss verschidde Redressementer an esou engem komplexe Projet de loi virhuelen.

Zweetens, et ass awer och geschwat ginn haaptsächlech iwwert déi Produits à faible risque, déi jo kënnen duerch eng Procédure simplifiée, dat heescht duerch e Règlement grand-ducal festgesat ginn. Selbstverständlech kann ee mat där Saach net averstane sinn. Ech wollt awer dat éierbaart Parlament hei drop hiweisen, dass déi Procédure simplifiée an der Direktiv selwer virgesinn ass, dass et also net eng Erfindung ass vum Minister, respektiv vun anere Leit.

Déi drëtt Saach, vun där geschwat ginn ass, dat ass déi Période transitoire vun zéng Joer fir bestehend Bioziden. Selbstverständlech ass dat relativ laang. Et muss een op där anerer Säit awer och soen, vu dass déi Direktiv hei jo scho vum 14. Mee 2000 u leeft, sinn et en fait keng zéng Joer méi, mä et sinn nach just siwen an en halleft Joer. Ech mengen, och souguer do ass d'Direktiv explizit dran. Deen Délai ass och net hei vu Lëtzebuerg esou erfonnt ginn, dee steet an der Direktiv.

Véiertens sinn awer och eng Rei vu Recommandatioune komm vun där enger oder vun där anerer Fraktioun, wou ech muss soen, datt ech hinnen net all muss Onrecht ginn. Wéi gesot, mir musse fir d'éischt e bësselche léiere bei dësem Gesetz. Ech sinn och iwwerzeegt, dass mer duerno wäerten d'Saache sensiblement verbesseren, wann dat sollt néideg sinn.

Eng Saach awer schéngt mer effectivement ganz wichteg ze sinn, dat ass déi vun der Informatioun de Public, dass de Public op alle Fall ëmmer no eisem beschte Wësse renseignéiert gëtt, wat kënnt geféierlech sinn a wat net.

Dat gesot, Här President, géif ech all deenen Honorabele merci soen, déi dëse Projet de loi, wou et trotzdeem ervirgeklongen ass, dass et e Schrëtt an déi richteg Richtung ass, wäerte stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4856 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 21 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, domat hätte mer d'Lecture vun den Artikelen ofgeschloss a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert dat virleiend Gesetz.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déijéineg déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi 4856 ass ugeholl mat 47 Jo-, 7 Nee-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Fred Sunnen), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Ady Jung) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Mars Di Bartolomeo), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Ben Fayot).*

*Ont voté non: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

## 17. Demandes en naturalisation

Als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Naturalisatiounen, dofir muss ech elo de Huis clos ausschwätzen.

De Huis clos ass ausgesprach.

***

Mir huelen déi öffentlech Sitzung erëm op.

D'Chamber ass mat 43 Demandes en naturalisation saiséiert ginn. Si huet an hirer net öffentlecher Sitzung 43 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. Sou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm a Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat 8 Ännerunge vun Nimm a Virnimm averstanen erkläert.

<u>Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 3 décembre 2002</u>

1. BALOGH Sandor Balint, né le 27 mars 1954 à Kunmadara (Hongrie), demeurant à Soleuvre

2. BARBOSA MOREIRA Maria Manuela, née le 20 mars 1963 à Campo/Valongo (Portugal), demeurant à Differdange

3. BARTOHOLOMEES Juthi, née le 17 mai 1978 à Calcutta (Inde), demeurant à Bettembourg

4. BAUTISTA MARTE Elizabeth Antonia, née le 7 avril 1963 à Santo Domingo (République Dominicaine), demeurant à Luxembourg

5. BERNARD Jean Baptiste Raymond, né le 28 mai 1937 à Martelange (Belgique), demeurant à Dudelange

6. COCCIA Sandro Giuseppe, né le 6 mai 1972 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Belvaux

7. CORREIA Joana Maria, née le 25 juin 1970 à Santo Crucifixo (Cap Vert), demeurant à Esch-sur-Alzette

8. D'HERBAIS DE THUN Fabian, né le 25 juillet 1975 à Uccle (Belgique), demeurant à Dickweiler

9. DA FONSECA GOMES Alexandrina, née le 2 mai 1963 à Santo Antonio das Pombas/Paul (Cap Vert), demeurant à Differdange

10. DA SILVA FERREIRA Miguel Antonio, né le 22 mars 1973 à Mortagua (Portugal), demeurant à Bissen

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de FERREIRA Miguel Antonio.

11. DE OLIVEIRA FERREIRA Sandra Carina, née le 23 janvier 1975 à Sao Juliao da Figueira da Foz/Figueira da Foz (Portugal), demeurant à Mertert

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de FERREIRA Sandra Carina.

12. GIANCHANDANI Deepak, né le 23 novembre 1966 à New Delhi (Inde), demeurant à Strassen

13. GOMEZ RAMIREZ Aparicio José, né le 10 septembre 1952 à Caracas (Venezuela), demeurant à Bertrange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de GOMEZ Aparicio José.

14. HOEIJMAKERS Kirsten Petra Joanne, née le 13 août 1981 à Geldrop (Pays-Bas), demeurant à Beringen

15. KHARDANI Mohamed, né le 4 avril 1967 à Chraitia (Tunisie), demeurant à Eischen

16. KOPEC Bozena Grazyna, née le 19 octobre 1959 à Wroclaw (Pologne), demeurant à Colmar-Berg

17. LANÇA RODRIGUES Maria Fernanda, née le 28 juillet 1954 à Sao Domingos/Santiago do Cacem (Portugal), demeurant à Alzingen

18. LIU Shixin, né le 18 février 1970 à Dalian/Liaoning (Chine), demeurant à Luxembourg

19. LOPES TOMÉ Paulo Jorge, né le 7 avril 1972 à Vilar Barroco/Oleiros (Portugal), demeurant à Kleinbettingen

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de TOMÉ Paulo Jorge.

20. MARIOTTI Mike Angelo Louis, né le 27 avril 1974 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Sanem

21. MLECZAK Artur Wojciech, né le 13 avril 1965 à Sulecin (Pologne), demeurant à Junglinster

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de MLETZAK Arthur.

22. MOSAKOWSKA Katarzyna Malgorzata, née le 24 avril 1965 à Torun (Pologne), demeurant à Junglinster

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de MOSAKOWSKA Katharina.

23. MOINY Marcel Constant Ghislain, né le 21 août 1937 à Lasauvage, demeurant à Wincrange

24. GOUSENBOURGER Marie-Thérèse, née le 25 mars 1939 à Sampont (Belgique), demeurant à Wincrange

25. MOTAMEDI AZARI Faramarz, né le 6 décembre 1943 à Téhéran (Iran), demeurant à Mamer

26. OMIDVAR Parvin, née le 3 février 1951 à Téhéran (Iran), demeurant à Mamer

27. MÜLLER Nikolaus Matthias, né le 18 avril 1946 à Wallendorf (Allemagne), demeurant à Reisdorf

28. PIRSCH Denise Raymonde, née le 22 février 1971 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Esch-sur-Alzette

29. POLANCO CASTRO Marina de Jesus, née le 27 décembre 1954 à Montecristi (République Dominicaine), demeurant à Luxembourg

30. REDING Gabrielle, née le 2 octobre 1959 à Luxembourg, demeurant à Schwebach

31. RIKIR Micheline Marie Jeanne Henri, née le 10 octobre 1933 à Chaudfontaine (Belgique), demeurant à Surré

32. RIZZUTI Maria Rosa, née le 3 avril 1954 à Verzino (Italie), demeurant à Esch-sur-Alzette

33. RUAS DE OLIVEIRA Christina Adelaïde, née le 7 mars 1972 à Saint-Cloud (France), demeurant à Rumelange

34. SEQUEIRA VIEIRA Helder José, né le 17 janvier 1968 à Ettelbruck, demeurant à Luxembourg

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de VIEIRA Helder José.

35. SUN Yiyi, née le 25 avril 1981 à Zhejiang (Chine), demeurant à Schifflange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de SUN Déborah.

36. THIRY Johanna Henriette Marie Bénédicte Ghislaine, née le 13 octobre 1964 à Malempré (Belgique), demeurant à Huldange

37. UGHI Nadia, née le 16 janvier 1969 à Pétange, demeurant à Differdange

38. VERMAAT Piet, né le 18 août 1950 à Haarlem (Pays-Bas), demeurant à Mertzig

39. MIEDEMA Susanna Helena, née le 2 septembre 1951 à Arnhem (Pays-Bas), demeurant à Mertzig

40. WONG Kin Sang, né le 15 novembre 1955 à Hong Kong (Chine), demeurant à Esch-sur-Alzette

41. SO Kam Yin, née le 14 juillet 1957 à Hong Kong (Chine), demeurant à Esch-sur-Alzette

42. ZIADE Bechara, né le 12 février 1958 à Achrafieh/Beyrouth (Liban), demeurant à Mullendorf

43. BARBARA Myriam, née le 26 janvier 1960 à Beyrouth (Liban), demeurant à Mullendorf

***

Domat si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtten a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.33 heures)***

# MERCREDI, 4 DÉCEMBRE 2002 — 11E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**

## Ordre du jour

1. Communications
2. 5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003

   *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget)*

   Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, François Biltgen, Mme Anne Brasseur, MM. Charles Goerens et. Carlo Wagner, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.30 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber irgendwellech Matdeelung ze maachen?

***(Négation)***

## 1. Communication

Ech hunn der Chamber folgend Matdeelung ze maachen:

Madame Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics, a déposé en date du 4 décembre 2002, le

*- Projet de loi 5063 relatif à l'adaptation budgétaire du projet d'extension du Lycée technique des Arts et Métiers à Luxembourg-Limpertsberg.*

Dir Dammen an Dir Häre, mir kommen dann elo zum Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi 5000, de Statshaushalt vum Joer 2003.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

## 2. 5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wann een de Budget analyséiert, da brauch een eng ganz Partie Instrumenter, fir dat kënnen ze maachen, Instrumenter, déi objektiv musse sinn, an Instrumenter, déi eis erlaben d'Fakten an d'Situatioun, déi wirtschaftlech an déi finanziell, vum Land ze analyséieren. Dat heescht also, dass mer net dierfen de Feeler maachen, weder a gudden nach a schlechten Zäiten, d'Saach anescht ze kucken, d'Bedeitung vun Instrumenter anescht ze bewäerten, an doduerch zu anere Konklusiounen ze kommen. Et muss een objekiv an zilorientéiert Analyse maachen, fir kënnen zu engem fiable Bild vun der reeller finanzieller Situatioun vum Stat ze kommen. Dëst Joer war deen Exercice apart schwiereg, schwiereg fir d'Regierung, wéi se de Budget opgestallt huet, an awer och schwiereg fir d'Finanzkommissioun, wéi se de Budget analyséiere wollt.

Et ass bekannt, dass de Budget am Fréijoer opgestallt gëtt, op Grond vun deenen Donnéeën, déi dee Moment virleien. D'statistesch Donnéeën, déi vum STATEC, awer och vun der Europäescher Kommissioun oder der OECD geliwwert ginn, erginn zesummen eng Foto vun der Situatioun, wéi se dee Moment ass, eng Foto, déi dann extrapoléiert gëtt op dat nächst, an esouguer op déi kommend Joren, fir eben op Grond vun där Foto de Budget opzestellen.

Mir hunn an de leschte Jore gesinn, dass déi Foto ganz oft net richteg war, allerdéngs war déi grouss Chance, déi mir deemools haten déi, dass déi Foto am Endeffekt méi e schéint d'Bild hier ginn huet, wéi ee sech dat erwaart hat.

Dës Kéier ass d'Situatioun eng aner, well déi Foto, déi mer am Summer gemaach hunn, méi e schéint d'Bild erginn huet, wéi déi, déi mir am Hierscht konnte kréien. Effektiv hu sech déi statistesch Donnéeë verännert. Besonnesch dem STATEC seng Analysen hunn ageschloe wéi eng Bomm, wéi mer aus der parlamentarescher Summervakanz erëm komm sinn. De Wuesstum vun 2001 ass staark no ënne revidéiert ginn, a par ricochet ass och de Wuesstum fir dëst Joer, a fir déi nächst Jore par rapport zu deene Previsiounen, déi nach am Summer gegollen hunn, no ënne revidéiert ginn.

Fir muncheree war dat Ganzt eng Iwwerraschung, eng Iwwerraschung, dass et dann op eemol soll méi schlecht goen, wou dach nach eigentlech keen et gemierkt hat.

Déi Fro, déi sech stellt ass, ass déi: Firwat dass keen et gemierkt huet, an ass et wierklech iwwerraschend komm? D'Finanzkommissioun hat d'lescht Joer an hirem Budgetsrapport schonn drop higewise gehat, dass et Indicateure géife ginn, déi géinge weisen, dass net alles ganz ronn géif dréinen. Mir stellen och haut fest, dass déi Indicateuren net besser gi sinn. Au contraire, déi meescht weisen no ënnen.

Mir gesinn dat am Industriesecteur, wou d'Demande relativ schwaach ass, op alle Fall manner staark ass, wéi de Secteur sech dat erwënscht. Mir gesinn dat och an anere Secteure wéi am Transport oder am Kommunikatiounsberäich, wou d'Demande och relativ schwaach ass. Mir wëssen, dass all déi exportorientéiert Secteure Problemer hunn, sief et an de Produkter, sief et an de Servicer, wat awer och u sech logesch ass, wann ee gesäit, wéi déi wirtschaftlech Situatioun vun de Länner ronderëm eis ass, déi Länner also, wou mer am meeschten exportéieren, awer och d'Handelspartner vun der Europäescher Unioun a vun der Eurozon, wéi Amerika zum Beispill, wou déi grouss Reprise nach ëmmer op sech waarde léisst, oder Japan, wat sech nach ëmmer net erhuele kann, an esouguer an enger Rezessioun ass, oder déi asiatesch Länner, wou et vill méi lues dréint, oder Südamerika, wat enorm wirtschaftlech a finanziell Problemer huet, also alles Länner an Handelspartner, déi sech schwéier dinn, a wou d'Demande natierlech och net immens grouss ass.

Doniewent hunn eis grouss Nopere ganz grouss Problemer sech a Conformitéit mat de Stabilitéitskritäre vun der Europäescher Unioun, bezéihungsweis vun der Eurozon, ze setzen. Dat huet esouger esou wäit gefouert, dass dru geduecht gi war, fir d'Kritäre vum Stabilitéitspakt opzeweechen an nei Weeër ze goen, wat natierlech dem Euro net onbedéngt zegutt komm wier.

D'Kommissioun huet déi Diskussiounen opmierksam verfollegt an ass zur Konklusioun komm, dass een déi Kritären, hirer Meenung no, misst anhalen. Et si Kritären an deenen a sech schonn e groussen Deel Flexibilitéit drastécht. Et däerf een net vergiessen, dass d'Effortë vun deene genannte Länner, wou och nach Portugal dobäi ze erwähnen ass, net déi allergréisst waren zu Zäiten, wou et méiglech gewiescht wier d'Kritären ze respektéieren. Dofir sinn d'Kritäre wichteg an et ass och wichteg, dass se agehale ginn. Et muss een awer och festhalen, dass et kee Sënn mécht, fir déi Länner do weider an engem Ralentissement dran ze loossen, bezéihungsweis se weider doran erofzedrécken, andeems een d'Demande ofwierge geet, an andeems een domat hiren Export an och indirekt hiren Import selbstverständlech ofwierge geet. Dofir ass d'Kommissioun der Meenung, dass een op der Zäitschinn eppes ka maachen, dass een do eng Lockerung ka maachen, d'Zäitschinn, déi net am Stabilitéitspakt festgehalen ass an esou de Länner engersäits Loft gëtt, fir sech de Kritären ze conformiéieren an anerersäits fir sech weiderhin drop ze preparéieren, déi Kritären an absehbarer Zäit och à la lettre ze erfëllen.

Mir gesinn also, dass an Europa, a besonnesch an deene wirtschaftskräftege Länner, den Zuchpäerd vun Europa, dat heescht déi, déi 75% vum gesamteuropäesche Maart ausmaachen, sech do vill Problemer gestallt hunn.

Déi ganz europäesch Wirtschaft, ass wéi gesot am Ofschwong a koum dëst d'Joer ni richteg op Touren, ofgesinn vun e puer wéinege klénge Länner.

Mir gesinn also, dass de Problem, dee mer zu Lëtzebuerg hunn, nämlech de Ralentissement vum Wirtschaftswuesstum, keen hausgemaachte Problem ass, mä dass et en importéierten ass. Et ass also net esou, an dat ass eng wichteg Konklusioun, déi mer festhale mussen, dass déi national Ekonomie strukturell Problemer hätt, déi géinge bedéngen, dass eis Wirtschaft am internationale Kontext net kompetitiv wär, mä et ass éischter esou, dass déi international Konjunktur zu Lëtzebuerg strukturell Problemer ausgeléist huet.

Wann déi international Konjunktur erofgeet, bedeit dat, dass an enger klenger, oppener Ekonomie, wéi déi lëtzebuergesch, déi voll exportorientéiert ass, natierlech d'Produktioun, sief et d'Produktioun vun Déngschtleeschtungen, déi vu Biensën oder déi vu Wueren, net kann eropgoen, wann op där anerer Säit an de Länner ronderëm eis d'Wueren an d'Servicer net kënnen importéiert ginn.

Ech hu gesot, wann d'Konjonktur Problemer huet, da géing dat strukturell Reaktioune bedéngen. Dat ass richteg. Mir gesinn, an dat hunn ech versicht am Rapport ze weisen, dass de Chômagetaux eropgeet, wann d'Beschäftegung, wann den Emploi sech méi lues entwéckelt, wat op ee méi luese Wirtschaftswuesstum hiweist.

Mir gesinn, dass d'Secteuren, virun allem de Finanzsecteur, an déi, déi direkt unhänglech sinn, ufänken ze reagéieren, andeems dass versicht gëtt d'Exploitatiounkäschten ze drécken. Mir gesinn, dass d'Luxusausgaben, wann een dat a sech esou kann nennen, erofginn. Et si vill Entreprisen, déi zum Beispill domadder reagéieren, dass manner Fluchkäschten ufalen, dass d'Büroskäschten erofgesat ginn, dass manner Publizitéit gemaach gëtt, an, an, an.

Déi Fro, déi eis awer am meeschten déi lescht Wochen an der Finanzkommissioun an och dobaus-

sen an der öffentlecher Diskussioun beschäftegt huet, ass d'Fro, ob Lëtzebuerg virun enger Rezessioun steet, ob Lëtzebuerg riskéiert an eng Wirtschaftskris ze falen oder net. Déi Fro kann een zu dësem Zäitpunkt ganz kloer nëmme mat Nee beäntwerten.

Wéi gesot, mir hu weder strukturell Problemer, déi eis et géingen onméiglech maachen. déi kommend Jore weider ze wuessen, nach hu mer schlecht Aussichte fir d'Zukunft. D'Wirtschaftsinstituter, oder vill méi déi analytesch Instituter zu Lëtzebuerg a ronderëm eis si sech eens, dass d'nächst Joer am zweeten Trimester sech erëm soll de Wuesstum accéléréieren, accéléréieren natierlech op engem aneren Niveau wéi deen, dee mer gewinnt waren. Et ass een Niveau, deen ënner 4% läit, awer ëmmerhin erëm méi e staarke d'Wuesstum. Dat allerdéngs ass dat, d'Rechnung awer och nach ëmmer ouni de Wiert gemaach.

Ech hu virdrun d'Finanzplaz als Sujet opgeworf. D'Finanzplaz, mir hunn et all Joer an der Kommissioun widderholl wéi d'Amen am Gebiet, ass wichteg. Si dréit zu engem wesentlechen Deel zu de Recettë vum Stat bäi. Et hänken onheemlech vill Aktivitéiten drun, an d'Finanzplaz ass e Générateur d'emploi et de recettes fiscales fir de Stat, an dat an engem Ausmooss, wéi keen anere Secteur hei am Land.

Et ass vill op de Monolithisme an op d'Geforen higewise ginn. D'Fro, déi sech elo stellt: Gëtt et eng Zukunft ouni Finanzplaz? Ass eis Wirtschaft diversifizéiert genuch, fir kënnen de Verloscht vun der Finanzplaz opzehiewen? Ech behaapten emol ganz einfach: Dat do ass d'Fro falsch gestallt. Ech sinn éischter dofir, dass mir eng pro-aktiv Politik fir d'Finanzplaz maachen, an dass mer frou solle sinn, dass mir dee Monolithisme hei zu Lëtzebuerg hunn, dass mer frou solle sinn, dass mer eng staark diversifizéiert Finanzplaz hunn, déi senger Zäit agesat ginn ass nom Enn vum Stolmonolithisme. Mir solle frou sinn, dass mer de Wee an den Déngschtleeschtungssecteur gemaach hunn, dass mer zu Lëtzebuerg eng héich kompetitiv Finanzplaz mat héich kompetitive Leit, déi an deem Secteur schaffen, hunn, an déi de Vergläich mat de Finanzplaze soss deruechter net musse scheien.

Et ass awer nun eemol e Fakt, datt d'Finanzplaz zu Lëtzebuerg, an awer och déi ronderëm, fir nëmmen d'Schwäiz an d'City of London ze nennen, genausou, wann net souguer méi lues dréine wéi déi zu Lëtzebuerg, dat heescht also, mir sinn net manner gutt gi par rapport zu deenen anere Finanzplazen. Bien au contraire, mir hunn et esouguer an dëser Zäit nach fäerdeg bruecht op engem héijen Niveau eis anzependelen, a mir si bestätegt, dass mir d'Finanzplaz diversifizéiert hunn an den Know-how, dee mat deene Produkter verbonnen ass, verbessert hunn.

Fakt ass, datt vill Parametere vun der Finanzplaz, déi d'CSSF ënner anerem regelméisseg analyséiert, drop hiweisen, datt et manner gutt geet.

D'Bilanzzomm geet erof, d'Revenue vun de Banken ginn och erof, d'Zuel vun de Banke geet erof, d'Aktiva vun den OPC, also vun der Fongenindustrie, geet erof, och d'Personalstruktur ass no ënne revidéiert ginn. Dat sinn alles Facteuren déi weisen, datt sech eppes gedoen huet an datt den Abroch vun de Coursen op de Boursen - an ech erënneren drun, datt de Privatbanking een Drëttel vun de Geschäfter vum Finanzsecteur vun de Banken ausmécht - deemselwechte Finanzsecteur zougesat huet.

Fakt ass also, datt Parameteren do sinn, déi weisen, datt et op der Finanzplaz Lëtzebuerg net méi esou gutt geet, mä d'Situatioun ass awer net esou schlecht, datt mer de Kapp missten anzéien a fäerten, datt elo op eemol alles d'Baach géif agoen.

Am Géigendeel, et soll ee grad an dëser Situatioun mat enger proaktiver Haltung d'Ärem eropstrëppen an de Stéier mat den Hare paken, no vir kucken a weiderfueren, grad an dëser Zäit, fir d'Finanzplaz ze stäerken, fir den Know-how vun eise Leit, déi do beschäftegt sinn, ze verbesseren. Ech mengen, d'Luxembourg School of Finance ass ee Beispill, wéi een dat ka maachen.

Et geet awer och drëm, fir déi Lëtzebuerger Finanzplaz géint net akzeptabel Ugréff vun anere Länner ze verteidegen. Et geet drëm, fir dee Prozess vu Feira, dee gëschter um ECOFIN-Conseil zu Bréissel net op een Enn konnt gefouert ginn, esou ze gestalten, wéi et zu Feira ofgemaach gi war, nämlech dem Informatiounsaustausch zouzestëmmen, ënnert der Bedingung, datt équivalent Mesuren, dat heescht déi selwecht Mesuren op deene Finanzplazen ronderëm eis, applizéiert ginn.

Et soll ee sech awer och elo net falschen Illusiounen higinn, beziehungsweis de Leit dobausse Saache verkafen, déi esou net wouer sinn. Ech mengen, wa mer vun Diversifikatioun schwätzen, elo am konkrete Fall vun der Finanzplaz, dann däerf ee sech net erwaarden, datt ee vun haut op muer e Secteur oder eng nei Niche exploitéiere kann, déi onheemlech vill Recettë géing an d'Statskeesen ofwerfen, beziehungsweis onheemlech vill Emploi oder wat och ëmmer u Positivem géing schafen, souwisou huet Lëtzebuerg a senger Fongenindustrie dobaussen een Know-how, dee mer kënne weider exploitéieren; Pensionsfonge sinn eng Méiglechkeet do dervun.

Dat solle mer och maachen. Mir sollen och vläicht op fir europäesch Verhältnisser manner bekannte Felder zréckgräifen, wou vläicht elo manner Banken an Assurancë beschäftegt si mä Investisseuren insgesamt, nämlech op d'Feld vum Venture-Capital, dat heescht vum Risikokapital, woubäi mer natierlech mussen ee ganzen Environnement schafe vun Esprit d'entreprise, dee mer an der Schoul musse vermëttelen, bis hin zu Strukture wéi Pépinières d'entreprises an esou weider, fir ebe jonken Entrepreneuren, déi muer d'Zukunft sinn, eng Chance hei am Land ze ginn.

D'Finanzplaz, wësse mer - ech hunn dat vidru gesot -, huet een enormen Impakt op de Budget. Déi Etüd, déi de Comité pour le développement de la place financière am Joer 2001 entwéckelt huet, weist dat an aller Däitlechkeet. Een Drëttel vun de Fiskalrecettë vum Stat, an dovunner 85%, kommen direkt aus dem Finanzsecteur.

Ee Budget - wéi ech gesot hunn -, deen ënner ganz anere Virzeechen opgestallt ginn ass wéi déi, déi mer elo haut diskutéieren. D'Virzeechen hu sech also ganz staark verännert an dat huet selbstverständlech Reperkussiounen op d'Statsrecettë gehat.

Nieft dem Wuesstum hunn awer och d'Inflatioun, an domat och d'Lounentwécklung, grad esou wéi d'Beschäftigung ee gewëssenen Afloss op de Budget.

D'Inflatioun ass vun 3,5% am Joer 2000, iwwer 2,3% am Januar 2002 op d'Enn vum zweeten Trimester op 1,7% zréckgaangen.

An dësem Kontext kann een dann och soen, datt den Euro sech net zum Teuro entwéckelt huet. Dës Behaaptung ass vum Statec, awer och vun der Banque Centrale confirméiert ginn.

D'Inflation sous-jacente weist och no ënnen, esou datt déi virun enger Zäit geäussert Angscht vun engem Auto-allumage opgrond vun deene jeeweilege Steierreforme sech net als begrënnt erweist.

Ganz sécher gëtt et, wat d'Inflatioun ugeet, awer nach Inconnuen, besonnesch wat d'Evolutioun vum Petrolspräis ugeet, dat virum Hannergrond vun enger méiglecher militäresch Interventioun am Irak. Wann awer alles riicht räisst, misst d'Inflatioun sech ënner 2% apendelen. Dat bedeit dann, datt laut dem Statec senge Prévisiounen an der zweeter Halschent vum nächste Joer eng Indextranche géif ufalen.

Bei engem méi luese Wirtschaftswuesstum entwéckelt sech den Aarbechtsmaart forcément och méi lues. Och dat mierke mer an deem Sënn, datt de Wuesstum vum Emploi vu 6,3% ugangs 2001 zréckgaangen ass op 2,8% am August vun dësem Joer. Vun August 2001 bis August 2002 ass d'Zuel vun de geschafenen Aarbechtsplaze vu 14.930, am selwechten Zäitraum wéi virdrun, op ëmmerhin nach 7.875 zréckgaangen.

Onnéideg z'erwähnen, datt d'Unzuel vun de Frontalieren - wann och mat enger liichter Tendenz falend - dach awer nach ëmmer zwee Drëttel vun allen nei geschafene Posten ausmécht. Dat bréngt awer och mat sech, datt d'Unzuel vun de Résidenten am ganzen Emploi virun erofgeet, elo op 61,4%, bei engem Gesamtbeschäftegungstaux vun 63,1%, dee bedingt duerch den Accroissement vum Beschäftegungstaux bei de Frae mat 5,7% eropgaangen ass.

Dat bréngt et dann och mat sech, datt de Chômage an d'Luucht geet an elo bei 3,2% ukomm ass, Taux, dee mer fir d'lescht 1997 haten. Et fält dobäi op, datt d'Zuel vun de jonke Chômeuren eropgeet an dee vun deenen iwwer 50 Joer erofgeet, an d'Zuel vun de Chômeure mat mëttlerer an héijer Ausbildung zouhëlt.

An engem Kontext, wou de Chômage ufänkt eropzegoen, gewannen dann och déi Aarbechts- a Formatiounsmesuren als politescht Instrument u Wichtegkeet, virun allem fir déi an deenen hir Familljen, déi et trëfft. Déi hunn am Joer 2001 ëm 13,7% zougeholl, an déi éischt fënnef Méint vun dësem Joer esouguer ëm 19,7%. An deem Ausmooss, wou ëmmer méi Leit vun dëse Mesure profitéieren, wäicht de Chômagetaux am wäiteste Sënn vum Wuert ëmmer méi wäit dann och vum offiziellen Taux of.

Et kann een duerfir festhalen, datt, wann de Wirtschaftswuesstum méi lues erop geet an doduerch och de Beschäftegungstaux méi lues erop geet, dann de Chômage och méi séier erop geet. An deem Ausmooss, wou mer dëst Joer ee Wuesstum vun 0,5% hunn, an dervun ausgoend, datt am Finanzsecteur wäert versicht gi bei de Personalkäschten anzespueren, riskeiert de Chômage-Taux onofhängeg vum Formatiounsniveau eropzegoen. Datt dee méi luese Wuesstum och seng Konsequenzen op de Budget huet, läit op der Hand.

Erlaabt mer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, elo méi prezis op de Budget selwer anzegoen, dat nodeem mer een Tour duerch d'Wirtschaftsdate gemaach hunn.

Op der Recettësäit vum Budget sinn déi éischt Virleefer schonns do a Form vun engem Réckgank virun allem vun deene Steieren, déi direkt ofhängeg si vum Finanzsecteur, notamment d'Taxe d'abonnement an den Droit d'enregistrement, déi dëst Joer allebéit ëm 90 Milliounen Euro par rapport zum Budget voté erof ginn an d'nächst Joer ëm all Kéier 40 Milliounen Euro erof gi par rapport zu deem, wat am Projet de budget initial stoung.

Awer och d'Lounsteier geet zréck, bedingt doduerch datt den Emploi méi lues wiisst, kombinéiert awer och mam Effet vun de Steierreduktioune bei de physesche Persounen. Déi geet dëst Joer am selwechte Rapport ëm 55 Milliounen Euro zréck a fir d'nächst Joer sinn 100 Milliounen Euro minus virgesi par rapport zum initiale Budgetsprojet.

D'TVA huet och ee klenge Knax erlieft: Déi geet nämlech dëst Joer ëm 20 Milliounen Euro an d'nächst Joer ëm 40 Milliounen Euro zréck. Wéi grouss wier awer dee Knax gewiescht, wier et net zu deene virgenannte Steierreduktioune koum, mat deenen d'Consommatioun vun de Stéit jo awer heich gehale konnt ginn?

Den Niveau vun de Recettë vun der Kollektivitéitssteier konnt par contre héich gehale ginn. Dat allerdings huet éischter mat Maquillage ze dinn, deen dorop zréckzeféieren ass, datt d'Steieren aus de leschte Joren, virun allem deene gudde Joren nach net all era sinn. En effet besteet hei een Décalage vun ongeféier dräi bis véier Joer; dat heescht, et ass nach Geld do aus de „gudde Joren" wat nach net encaisséiert ginn ass. Eent ass sécher: Et ass gutt, datt mir déi Euroen - et sinn och nach vläicht Frangen derbäi - nach an de Strëmp hunn. Wéi vill datt et der sinn, weess ech net, a wéini déi Strëmp eidel sinn, entzitt sech och menger Kenntnis.

Laut mëndlechen Aussoen vum CSSF sollen et nach 2 Milliarden Euro sinn, déi bei de Banke provisionnéiert sinn. Zu wat fir engem Zäitpunkt dat esou war a wou mer elo Enn 2002 sinn, a wéi vill der nach Enn 2003 bleiwen, hunn ech och net als Rapporteur erausfonnt. Do ass et mer net besser gaang, wéi menge Virgänger. D'Cour des Comptes huet sech iwwregens an hirem Avis méi laang mat dësem Sujet beschäftegt.

Ech hunn am Laf vu mengen Aarbechte festgestallt, datt d'Steierverwaltungen - dat hiren eegenen Aussoen no - net outilléiert sinn, fir detailléiert Analysen a Rechemodeller fir d'Zukunft opzestellen.

Ech sinn der Meenung, an do stinn ech, mengen ech, net eleng do, datt en effikasse Stat sech muss mat deene beschtméiglechst statisteschen Instrumenter ausrüsten, fir optimal an effikass Previsiounen ze maachen. Dofir wëll ech virschloen, der Steierverwaltung déi néideg Moyenen heifir ze ginn. Dat géif eis, mengen ech, awer och erlabe méi Transparenz an d'Budgetspolitik, besonnesch op der Recettësäit ze bréngen.

Datselwecht gëllt fir d'Gewerbesteier. Do hätt déi Ukënnegung, dës Steier géif 2004 ëm 40% erofgoen, dach e bësse méi Explikatioune verdéngt gehat. Déi Explikatioune kréie mer elo mar de Moien an der Intérieurskommissioun vum Innenminister.

Wat d'Gewerbesteier elo ugeet, kann de Stat sech senger Verflichtung vis-à-vis vun de Gemengen allerdéngs net entzéien a muss de Gemengen esou vill zoukomme loossen, datt si hir Engagementer kënne respektéieren. D'Regierung huet sech jo an enger Motioun engagéiert, datt wann d'Gewerbesteier ënnert den Niveau vun 2001 géif falen a seng Steiere géifen eropgoen, datt dann deen Niveau net kéint ënnerschratt ginn, mä géif gehale ginn. Doriwwer eraus, mengen ech, gëllt fir d'Gemengen datselwecht, wat fir de Stat gëllt, nämlech datt si sech an Zukunft der Decken no strecke mussen. Fir responsabel Gemengeféierung gëllt dann och, datt d'Gemengen e Spillraum bei de Reserven, awer och bei der Schold hunn, fir déi méi moer Zäiten ze iwwerbrécken.

Op där anerer Säit musse se selbstverständlech dann och fir zukünfteg Investitioune Prioritéite setzen.

Bis dohinner kënne mer awer emol nach op den Apel fir den Duuscht zréckgräifen. Een Deel dovu gëtt scho vläicht dëst Joer fälleg, och wann d'Situatioun net esou ellen ausgesäit, wéi muncher dat wëlle gesinn. Alles in allem feelen op der Recettësäit ëm déi 115 Milliounen Euro, wann ee vun enger Méirecette vun 100 Milliounen Euro bei den Accisen ausgeet, déi géife vun der kumuléierter Budgetsreserv ofgoen, déi bei ongeféier engen 330 Milliounen elo nach läit. Dat wär dann zënter laangem deen éischte Kont, deen ouni Plus-valuen ofschléisst, nodeem d'Konte vun 2001 nach mat Plus-valuen an Héicht vun 262 Millioune konnten ofschléissen, woubäi 150 Milliounen an d'Fonge gaange sinn an 112 Millioune geholl gi sinn, fir déi supplementar Dépensen ze decken. Onnëtz ze soen, datt ouni Plus-values de recettes de Kont sech net am Equiliber hätt kéinten halen, an datt deen neie méi luese Wirtschaftswuesstum awer nach keen Niderschlag am Kont 2001 fonnt hat.

Déi u sech nei Situatioun ass awer keng Katastroph. Fir eis awer vill méi eng ongewinnte Situatioun. Duerfir huet d'Regierung gutt gedoen, fir déi fälleg Adaptatioune vum nächste Joer elo schonns ze presentéieren, virun allem bei deene Recetten, déi och dëst Joer scho réckleefeg sinn, an d'Dotatioune vu verschiddene Fongen ze adaptéieren, wat der Kaz fir d'nächst Joer awer ganz sécher kee Bockel mécht.

Déi öffentlech Investitiounsfongen hunn nämlech nach Reserve fir e puer Joer, schonn eleng duerch d'Tatsaach, datt Projeten net esou séier kënnen ëmgesat ginn, trotz dem gudde Wëlle vun der Regierung d'Dépensen héich ze halen. Dat mécht sech an de Konte bemierkbar. Esou konnte mer zum Beispill am Joer 2001 60% vun alle virgesinnen Dépensen net realiséieren. Dobäi stellt ee fest, kuckt een déi Konten an de vergaangene Joren no, datt wann de Prozentsaz vun de Previsioune fir d'Dépensen erop geet, de Prozentsaz fir déi net exekutéiert Dépensen och erop geet. Dat ass net nei, an dat schéngt drop schléissen ze loossen, datt engersäits d'Bauverwaltung, anerersäits awer och d'Baubranche vun der Planung iwwert d'Exekutioun bis zum Décompte dach awer Kapassitéiten erreecht huet, déi nach schwéier ze dépasséiere sinn.

Dat ass op där enger Säit gutt esou, well et soss géif riskéieren zu enger Iwwerhëtzung ze kommen - wat ee Problem ass, deen am Avis vun der Chambre des Métiers ugesprach ginn ass -, op där anerer Säit awer net gutt ass fir déi, déi op d'Gebaier waarden, déi bluttnéideg sinn, an awer erëm gutt fir d'Fongen, déi an dësen Zäite manner héich dotéiert musse ginn.

Fir all dës Investitiounen ze maachen, hu mer awer nach eng aner Mouk, an dat ass e 24-Fong, nämlech dee vun der intakter Scholdekapassitéit. Enn 2001 hate mer nach eng Schold vun ongefëier 700 Milliounen Euro. Am Fong vun der Schold waren du 415 Milliounen Euro, dat heescht déi Schold war dunn zu 60% provisionnéiert. Géife mer dee Fong an deem Rhythmus viru speisen, dann hätte mer Enn 2007 keng Schold méi. Dat wëllt soen, datt wann et bei den Investitiounen an den nächste Jore méi knapp géif ginn, een, mengen ech, dach awer mat rouegem Gewëssen deen een oder aneren neien Emprunt kéint maachen.

Nieft de Fongen, déi manner dotéiert goufen, sinn awer nach aner Dépensen adaptéiert ginn, déi un dem Wuesstumstaux unhänglich sinn, dat heescht: Coti-

satiounen, Fonds communal de dotation financière, Kooperatioun, Recherche. Fir déi zwee lescht bedeit dat awer nach ëmmer eng Progressioun.

A mengem Rapport hunn ech op der Dépensësäit d'Fro vum „Zero base budgeting" opgeworf. Bei dësem System geet et drëm all puer Joer en Deel vun de Kreditter genau ënnert d'Lupp ze huelen a se am Bléckfeld vun enger Käschtennotzenanalys ze ënnersichen. Net onbedéngt fir Kreditter erofzesetzen, mä éischter fir ze kucken, ob de Notzen nach am Verhältnis zu de Käschten ass. Ech wëll hei net falsch verstane ginn. Hei soll net d'Sozialpolitik a Fro gestallt ginn. Mir sollen elo keng onnéideg Debatt iwwer sozial Acquisen - egal vu wat fir enger Kategorie - hei féieren. Dat wär net nëmmen onnéideg, mä dat wär dee falsche Message. Et geet bien au contraire drëm, eis et ze erlaben dem Bierger seng Steiergelder nach méi effizient ze notzen. Ech weess net, ob dat eis virun hëlleft, mä ech kéint mer awer virstellen, datt een e Pilotprojet emol kéint probéieren.

Egal wéi, solle mer de Frang an Zukunft zweemol ëmdréinen, ier mer en ausginn, zemools wann et drëm geet, dem Stat nei zousätzlech Missiounen opzëerleeën. Et bleift also, datt mer fir déi nächst Joren net méi mat Plus-valuë kënne rechnen. Bis eis Mouk opgeschafft ass, wäerten, virun allem opgrond vun enger op Wuesstum ausgeriichter Steierpolitik an enger kompetitiver Ekonomie, déi mar sécher erëm méi staark wäert wuessen, och dem Stat déi néideg Recetten erëm an d'Keess kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen awer net, datt et zu dësem Moment duergeet, d'Analys vun der Situatioun nëmmen ze maachen a festzestellen, datt et méi lues geet an dann ze lamentéieren. Ech mengen, déi nei Situatioun, déi mer net gewinnt sinn an déi eis éischter erëm op de Buedem vun den Tatsaachen zréckgeholl huet, soll fir eis eng Erausfuerderung sinn, fir d'Zukunft virzebereeden, d'Äerm eropzestrëppen a gestäerkt aus dëser Situatioun erauszegoen an déi Chancen, déi eis gi sinn, mam Schlawittchen ze huelen a mat deenen d'Zukunft ze preparéieren.

Dozou gehéiert ganz sécher virunzefueren eis Wirtschaft ze entwéckelen, se ze diversifizéieren a se kompetitiv ze gestalten. Ech mengen, mir solle vun der aktueller Situatioun profitéieren an eis an eise Matbierger an Erënnerung ruffen, datt et ouni wirtschaftlech Entwécklung net geet. Déi kann awer net egal wéi sinn. Duerfir kann net egal wat fir e Betrib hei op Lëtzebuerg kommen. Et kann awer och net bei ville Leit mat der Nimbysmentalitéit virugoen, wéi dat dëse Moment amgaangen ass. Ech mengen, mir sollen déi zukünfteg Wirtschaftspolitik duerch de Brëll vun der Nohaltegkeet kucken an eis Prinzipië vun der Nohaltegkeet, déi jo heeschen: Wirtschaft, Soziales an Ëmwelt eis uneegnen a se just elo an dësem Moment, an dësen Zäiten, net afferen an iwwer Bord geheien.

Dofir, mengen ech, musse mer an deem Geescht virufueren eis Wirtschaft ze entwéckelen an ze diversifizéieren. Dat alles geschitt an engem neien europäesche Kader, dee méi grouss ass. Ech erënneren drun, datt deemnächst den europäesche Bannemaart ëm 75 Milliounen Awunner méi grouss gëtt, Awunner, déi en nationale Räichtum hunn, deen duerch d'Bank zwar 60% ënnert deem vun der Moyenne vun der Unioun läit. Dat ass net schlëmm, well dës Länner wäerte sech ganz séier an e Prozess eraginn, fir dee Retard opzehuelen. Doduerch di sech awer och fir Lëtzebuerg nei Chancen an Opportunitéiten op, an net, wéi eis vu munch engem gleewe gedoe gëtt, nëmme Geforen.

Fir eis ass et eng Erausfuerderung an eng Chance, eis Chance ze sichen, fir datt déi Ekonomië sech entwéckelen. An deem Sënn ass et dann ze begréissen, datt viru kuerzem an der tschechescher Republik eng Ambassade vun eis opgaangen ass, datt am Laf vum nächste Joer eng zu Warschau kann opgoen, an datt nach beabsichtegt ass eng an Ungarn opzemaachen. Fir sech gutt an der Welt ze behaapten, muss een e gudden Image hunn. Lëtzebuerg ka sech ganz sécher net duerch seng Gréisst dobausse verkafen, dofir musse mer versichen op d'mannst e kohärenten Image vun eis dobaussen ofzeginn.

Leider si mer allzeoft nëmmen duerch eis Bankeplaz bekannt. Ech mengen, mir musse scho méi an Evidenz setzen, datt dat net dat Eenzegt ass an deem Lëtzebuerg sech bemierkbar mécht, mä datt et aner Volete gëtt, déi mir ganz intensiv fleegen. Ech mengen domadder zum Beispill de Volet vun der Kooperatioun. Lëtzebuerg ass eent vun deene wéinege Länner, dat seng Engagementer vu Rio, fir 0,7% vu sengem Bruttoinlandsprodukt der Kooperatioun zoukomme ze loossen, erreecht huet. Dat kann eis ganz sécher Unerkennung, Crédibilitéit, Visibilitéit an e positiven Image bei deenen anere Länner bréngen, awer och bei den internationalen Organisatiounen. An deem Sënn ass den Ausseministère amgaang un engem Projet ze schaffen, fir den Image de marque vu Lëtzebuerg an der Welt dobaussen ze verbesseren a méi kohärent ze gestalten.

Wa mer da vu wirtschaftlecher Diversifikatioun schwätzen, da gëllt et awer emol vu vir eran d'Situatioun vun deene Betriber, déi hei sinn, ze festegen. An deem Sënn kann een dem Wirtschaftsminister nëmme félicitéieren, datt hie seng éischt Prospektiounsreesen an d'Richtung gemaach huet, fir e gudde Kontakt mat de Mammenhaiser ze fleege vun deene Betriber, déi haut hei zu Lëtzebuerg etabléiert sinn. Do dernieft ass och Prospektioun gemaach ginn, fir nei Investisseuren ze fannen. Déi Resultater vum aktuelle Wirtschaftsminister loosse sech weisen.

Ech mengen, d'Diversifikatioun ass hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer an der Kontinuitéit gemaach ginn. Kuckt een déi lescht zéng Joren no, da fënnt een dat eraus. Do si ganz grouss Variatioune vu Joer zu Joer dran. Déi hunn allerdéngs manner mam Asaz vum Minister ze dinn a mat der Zuel vun de Betriber, mä éischter mat der Gréisst vun deem engen oder deem anere Betrib, dee sech hei zu Lëtzebuerg niddergelooss huet. Déi lescht Jore waren dat zesummen 28 Betriber mat engem Gesamtinvest vun 200 Milliounen Euro an alles an allem 700 Aarbechtsplazen, déi geschafe gi sinn. Et ass voll an deem Sënn, datt mer solle Betriber hei op Lëtzebuerg huelen, déi eng grouss Valeur ajoutée hunn, déi awer do dernieft eng Main-d'oeuvre hunn, déi net esou zahlräich muss sinn, duerfir awer méi spezialiséiert ass.

Fir dass iwwerhaapt déi bestoend Betriber hei bleiwen, a fir datt neier heihi kommen, muss d'wirtschaftlecht Ëmfeld klappen. Dat heescht, mir mussen niewent anere Kaderbedingunge gutt Steierkonditiounen hunn. An do mengen ech, kënne mer et kuerzfristeg net nach besser maachen, ouni awer aus den An ze verléieren, datt et punktuell Verbesserunge ganz sécher kënne ginn.

Ech mengen d'Hëllefen, déi de Stat gëtt, notze mer voll aus iwwert d'Wirtschaftsförderung. Am Kader vun deem, wat d'Europäesch Kommissioun erlaabt, versiche mer dann nei Weeër ze goen an deem Sënn, datt Infrastrukture geschafe ginn, déi als Pépinières d'entreprises, respektiv als Bâtiments relais gëllen a bestoenden Infrastrukturen, déi do sinn awer an nei ze schafend Halen. Hei gëtt et jo eng Partie flott Beispiller uechtert d'ganzt Land.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Zu der Infrastruktur an zum steierlechen Ëmfeld gehéiert awer och e legislative Kader, deen eng Virreiderroll huet. Dozou gehéiert selbstverständlech en Energiepräis, dee kompetitiv ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun der wirtschaftlecher Diversifikatioun hunn ech am Rapport e puer Pisten opgezeechent, wou ee sech virstelle kann, dës Nischen eventuell auszenotzen, respektiv auszebauen. Esou denken ech zum Beispill un d'Soins de santé an un d'Biotechnologien, wou ech dozou opfuerderen, fir op d'mannst emol eng Diskussioun ze féieren, ob et net méiglech ass, fir déi Geleeënheeten, déi sech engem kënne bidden, opzegräifen.

Mir hu jo nach all a gudder Erënnerung, wéi eng Opreegung et 1998 gouf, wéi d'Cour de Justice an hiren zwee Arrêten Decker a Kohll d'Grenze fir d'Soins de santé opgemaach huet. D'Opreegung war deemools grouss an d'Länner waren hin an hier gerass zwëschent engem Reflex, fir hire System vun der Sécurité sociale ze protégéieren oder fir den Défi unzehuelen, fir e kompetitive medezinesche Secteur opzebauen an ze offréieren, deen net nëmmen de Besoinen an den Erwaardunge vun der nationaler Bevölkerung géing entspriechen, mä deen ebenfalls géing auslännesch Patienten unzéien.

Haut huet sech dës Opreegung geluegt. D'Auswierkunge vun den Arrêten Decker a Kohll, virun allem op de finanziellen Equiliber vun de Krankekeesen, si kaum bis guer net bemierkbar. D'Cour de Justice selwer huet a weideren Arrêten d'Dier, déi se opgestouss hat, fir méi eng grouss Zirkulatioun vun de Patienten an eng méi prononcéiert Konkurrenzsituatioun tëschent de Prestataires de santé an Europa, erëm e Stéck méi zougestouss. Trotzdeem wier et falsch, fir ze maachen, wéi wann näischt geschitt wier an de Kellech un eis laanscht gaange wier, well d'Cour selwer huet sech ëmmer erëm an hire Konklusiounen eng Hannerdierchen opgelooss. Virun allem déi Diskussioun wollt ech elo lancéieren: Firwat soll Lëtzebuerg net aus der Occasioun dee Profit erauszéien, dee méiglech ass, wann d'Bedingunge stëmmen?

D'Viraussetzunge fir e qualitativ héichwäertege Secteur de santé besti mam Spidolsgesetz vum 28. August 1998, mam Spidolsplang vum 18. Abrëll 2001 a mam Finanzéierungsgesetz vum 21. Juni 1999, wat deemnächst amendéiert gëtt, fir déi Nobesserungen am Spidolswiesen um infrastrukturelle Plang kënnen nozehuelen, déi 1999 aus verschiddene Grënn net virgeholl goufen.

D'Carte sanitaire, déi regelméisseg e Bild zeechent vun der Offer am Secteur médical, an eng Evaluatioun qualitative vun den offréierte medezinesche Servicer droen ebenfalls zu enger däitlech verbesserter Qualitéit bäi. Dozou zielen och d'Formatioun an d'Formation continue vum medezinesche Personal, eng weider Prioritéit vun dëser Regierung. Enk verbonne mat dësem Sujet ass den Domän vun de Biotechnologien. Och hei ass et denkbar, datt Lëtzebuerg sech eng Nisch aricht, wou et effektiv esou munch Opportunitéit gëtt, déi een ausnotze kann.

Firwat net emol iwwert den Ausbau vun der Fuerschung an der Recherche am Beräich vun der Santé nodenken? Kéint déi zukünfteg Universitéit net d'Rumm bidden, fir eng Structure de recherche et de développement opzebauen, déi eng Symbios géing siche mat den Entreprisen a mat dem Santéssecteur? Wieren esou eng Struktur an esou eng Symbios net e Virdeel fir d'Patienten, fir d'Medezin a fir d'Exploitatioun vun enger weiderer oder neier Nisch zu Lëtzebuerg?

Ech mengen, dës Iwwerleeunge solle mer eis am Kader vun de Reflexioune stellen iwwert d'Mise en place vun enger Universitéit hei zu Lëtzebuerg, mä virun allem solle mer d'Konzept vun enger Uni hei zu Lëtzebuerg an de Kontext vun enger enker Kollaboratioun zwëschent der Recherche an den Entreprisen setzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en neie Créneau kéint och dee vun den erneierbaren Energië ginn. Lëtzebuerg huet sech jo am Kader vum Kyoto-Protokoll engagéiert seng $CO_2$-Emissiounen ëm 28% erofzesetzen. Dëst kann een elo als Belaaschtung ugesinn, mä et kann een et och als Erausfuerderung, als eng Chance fir eist Land gesinn. De Kyoto-Protokoll gesäit eng Partie Méiglechkeete vir, fir d'$CO_2$-Emissiounen ze senken. Eng dovunner - an dat ass déi éischt an déi wichtegst - ass, seng Hausaufgaben emol doheem ze maachen. An deem Kontext muss een awer, mengen ech, drun erënneren, dass d'Lëtzebuerger Industrie considérabel Efforte gemaach huet, wat d'Reduktioun vun den $CO_2$-Emissiounen ugeet. Et weist sech awer och, dass an de Secteure vum Transport a vun de Stéit d'Emissiounen eropgaange sinn.

An deem Sënn si mer gefuerdert op dësen Niveauen aktiv ze ginn. Op der enger Säit komme mer ganz gutt viru mat de Preparativen, fir den öffentlechen Transport ze verbesseren. Op där anerer Säit sti mer reglementaresch gutt do, wat d'Förderung vun den erneierbaren Energien an eng rationell Notzung vun den Energien ugeet. Hei bleift awer nach ganz vill ze maachen, virun allem wat d'Stéit ugeet, wou nach ganz vill Energie agespuert gi kann. Et ass just am Energiespueren, wou nach fir eis de gréisste Potenzial hei zu Lëtzebuerg läit. An deem Sënn géif ech en Appel un d'Regierung maachen, d'Aféierunge vun engem Energiepass ze beschleunegen, an dëst am Kader vum Carnet de l'habitat.

Dat eleng wäert awer net duergoen, zemools wann ee sech bewosst muss sinn, datt engem um Niveau vum Tanktourismus d'Hänn awer zum Deel gebonne sinn. Duerfir ass et gutt, dass de Kyoto-Protokoll eis d'Méiglechkeet gëtt mat flexible Mechanismen ze schaffen. Am Budgetsrapport hunn ech mech mat zwou Zorten ausernee gesat: dem Mechanismus vum Joint-Implementation an deem vum Clean developpement mecanism, oder och CDMe genannt.

Ech sinn der Meenung, datt mir eis dëse Méiglechkeeten net verschléisse sollen. Si erlaben dem Stat esou gutt wéi den Entreprisen, hiren Obligatiounen, wat d'Reduktioun vun de $CO_2$-Emissiounen ugeet, besser nozekommen an dëst zu engem bessere Präis. Si erméiglechen nämlech a Länner ze investéieren an d'$CO_2$-Emissiounen ze reduzéieren, wou den Invest net esou héich wéi bei eis ass, fir awer prozentual méi Resultater ze erreechen.

Et ass selbstverständlech, dass dës Projeten, déi an anere Länner gemaach ginn, sech am Kader vun der nohalteger Entwécklung vun dëse Länner mussen ofspillen. Et ass och kloer, dass d'CDMen, dat heescht déi Investitiounen, déi mer an Entwécklungslänner géife maachen, nëmmen additionell zur Entwécklungshëllef kënne sinn an a kengem Fall dozou gerechent kënne ginn. Op där anerer Säit géif dat fir d'Lëtzebuerger Ekonomie en neit Potenzial bedeiten. An deem Sënn géif et Entwécklungsméiglechkeete fir d'Ekonomie ginn, well wann nei Opportunitéiten opginn, kënnen nei Entreprisen, déi an dësem neie Secteur täteg sinn, sech zu Lëtzebuerg etabléieren. Si stellen awer och nei Opportunitéiten duer, fir bestoend Entreprisen nei Mäert ze sichen. Et erlaabt eis och eng méi offensiv Haltung fir dëse Créneau ze entwéckelen, nei Entreprisen zu Lëtzebuerg unzesidelen, an dëst souwuel an der Produktioun, wéi am Assemblage oder och an der Vermaartung vun dësen erneierbaren Energien.

De Volet CDM, deen et eis jo erlaabt an Entwécklungslänner an erneierbar Energien ze investéieren, géif eis et och erméiglechen, eng nohalteg Entwécklung an dëse Länner ze ënnerstëtzen. Dëst am Sënn vum Johannisburg Sommet, wou jo festgehale ginn ass bis 2012 der Halschent vun de Populatiounen aus den Entwécklungslänner den Zougang zur Energie ze erméiglechen, virun allem awer opgrond vun erneierbaren Energien.

Mir si gutt équipéiert, fir dës Fuerderung unzegoen. Mir hunn eng Agence, d'Lux-Development, déi sech ëm d'Entwécklungshëllef bekëmmert. Dës nämlecht Agence, mengen ech, kéint och d'Promotioun vun dësen CDMen maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet awer net duer, sech Gedanken iwwer nei Recetten ze maachen, wann een op där anerer Säit sech net och Gedanke mécht iwwert d'Ausgaben, déi ënner anerem opgrond vun deenen héijen Investitiounen an Zukunft als Nofolgekäschten am Budget hiren Nidderschlag wäerte fannen. Et ass de Wëlle vun der Regierung, der Entwécklung vun den öffentlechen Infrastrukturen eng éischt Prioritéit ze accordéieren. Et ass och dat, wat een am initiale Budget 2003 konnt liesen, wou vun enger Progressioun vun iwwer 26% vun de budgetäre Moyene par rapport zum Budget vun 2002 Rieds geet. Domat geet de Prozentsaz vun den Investitiounsausgaben par rapport zum Bruttoinlandsprodukt vun 2,1 op 3,6% erop, an no deem Ausmooss wéi de PIB zréckgaangen ass, geet de Ratio nach méi erop. Domat huet Lëtzebuerg den héchsten Investitiounsniveau iwwerhaapt a ganz Europa.

Loosse mer awer eent ganz kloer ënnersträichen: Dat ass fir Lëtzebuerg kee Luxus, mä eng absolut Noutwendegkeet! Et ass och dat, wat aus den Tableaue vun deene verschiddenen Investitiounsfongen erausgeet, déi dëst Joer fir d'éischt am Budget erëmzefanne sinn. Erënnere mer drun, dass dat, wat mir fir déi nächst Joren nëmme fir déi reng öffentlech Investitiounsfonge brauchen, sech op ongeféier 4,5 Milliarden Euro chiffréiert, ouni dat aus den An ze verléieren, wat iwwert d'Loi de garantie finanzéiert gëtt an dat, wat iwwert déi verschidden Etablissements publics derbäi kënnt. Wa mir all déi Investitioune bezuelt hunn, déi mer haut tätegen an an der Vergaangenheet scho getätegt hunn, da soll awer net d'Meenung opkommen, dass wa mer déi beglach hunn, et dann eriwwer ass. Bien au contraire, d'Nofolgekäschte wäerte considérabel a permanent sinn, an den ordinairë Budget an de Budget dépenses en capital an engem ganz grousse Ausmooss chargéieren, net zulescht opgrond vun de Personal-, Fonctionnements- an Exploitatiounskäschten, mä op där anerer Säit awer och bedéngt duerch den Entretien, deen déi Gebaier mat sech bréngen. An deem Sënn hunn ech e bëssen déi Nofol-

gekäschte versicht ze analyséieren, konnt mech awer do nëmmen op d'Entretienskäschte beschränken. Ech iwwerloossen engem vu menge Successeuren d'Konsequenze vun de Personal-, den Exploitatiouns- oder de Fonctionnementskäschten ze ënnersichen, nodeem mäi Virgänger d'Investitiounsfonge schonn am Detail ënnersicht hat, esou datt ech dat jo dann dëst Joer net méi an deem Ausmooss brauch ze maachen.

Fir ze wësse vu wat datt mer awer schwätzen, wa mer vun Nofolgekäschte beim Entretien schwätzen, muss een de Patrimoine immobilier vum Stat kennen. Ech muss direkt soen, datt de Patrimoine immobilier vum Stat de Patrimoine vun eis all ass, an esou wéi mir eis Haiser doheem, jidder Eenzelne vun eis, an der Rei halen, solle mer och eis gemeinsam Immobilien an engem gudden Zoustand halen.

Wat ass dann elo eisen nationale Patrimoine? Op Grond vun deene Gespréicher, déi ech mat de Bâtiments publics hat, hunn ech eng Partie Donnéeë kritt, fir dat ze ënnersichen. Dobäi ass mer gesot ginn, de Wäert vun den Immobilien, déi de Stat am Moment hätt, géif sech ongeféier op een Neiwäert vun 2? Milliarden Euro Enn 2000 chiffréieren. Dee Wäert deelt sech op op 47% administrativ Gebaier, 42% Schoulgebaier an 11% Gebaier, déi am sanitären oder soziale Beräich leien.

Geet een dann emol hin a kuckt een, wat de Stat am Joer 2001 an iwwert déi nächst Jore wëllt investéieren, da staunt een net schlecht, wann een dat zesummenzielt, wat op de leschte Säite vum Budget steet, an et waren déi Chifferen, déi ech zur Verfügung hat, an deenen dräi Haaptinvestitiounsfongen, da fënnt een eraus, datt nach eemol de Wäert vun 2,5 Milliarden Euro bei dat dobäi kënnt, wat mer elo schonn haut hunn. Dat heescht, op Grond vun deene Fongen, verduebele sech déi staatlech Immobilien.

Dat ass awer net eleng dat, wat dem Stat op de Budget dréckt, et sinn och nach eng Partie aner Gebailechkeeten, zum Beispill déi, déi iwwert d'Loi de garantie finanzéiert ginn, déi och eng Kéier an de Patrimoine vum Stat zréckfalen. Hei war et méi schwéier genau eraus ze fannen, wéi dee Chiffer ass, mä et schéngt mer awer e Minimum ze si vun nach eng Kéier 1,4 Milliarden u Wäert vu Gebaier, déi dobäi kommen. Zielt een dann nach déi Gebaier dobäi, déi iwwert d'Etablissements publics gebaut ginn, wou ech natierlech de Chiffer net konnt erausfannen, mä ech hunn an iergendengem Dokument konnten noliesen, dass eleng déi Projeten, déi an de Friches industrielles solle gebaut ginn, sech op eng Héicht vun ëm déi 1,7 Milliarden nach emol chiffréieren.

Dat sinn elo a sech keng genau Chifferen - et geet och net op deen een oder deen aneren Euro un -, well een déi einfach net huet, dat géif och ze wäit féieren, fir dat dann erëm genau ze analyséieren. Mä ëmmerhi weist et drop hin, datt de Patrimoine immobilier op Grond vun deenen Donnéeën, déi ech hei hunn, sech an deenen nächste Joren op mannst bis an dat nächst Jorzéngt era wäert verdräifachen. Wat dat vu Käschte mat sech bréngt, dat ka jo jiddree sech virstellen, Käschten u Personal, Fonctionnementskäschten, mä awer och Entretienskäschten, déi ech da wëll an dësem Rapport hei méi genau analyséieren.

Den Entretien geet eigentlech scho beim Bauen un, an hei gëllt dann dat Wuert „mieux vaut prévenir que guérir". Dat heescht, bei der Wiel vum Material soll ee selbstverständlech net nëmmen no der Ästhetik kucken, och wann dat wichteg ass, mä virun allem kucken ob déi Materialien, déi mer huelen, emol fir d'éischt déi sanitär Garantië ginn, déi mer brauchen. Dat ass wichteg wéinst den Nofolgekäschten, awer och wichteg virun allem fir déi Leit, déi an deene Gebaier schaffen. An den Asbest dierft jo jidderengem e Begréff sinn, wat dat heescht an un Nofolgekäschte bedeit. Déi Materialie sollen och esou sinn, datt se déi natierlech Ressourcen esou wäit wéi méiglech schounen, well mer jo wëssen, dass déi och begrenzt sinn. Mä virun allem sollen d'Materialië laanglieweg sinn an esou mann wéi méiglech Entretien generéieren.

Déi nei Gebaier, déi gebaut ginn, solle selbstverständlech och de leschten energetesche Kritären entspriechen um Niveau vun der Isolatioun, dem Hëtzen, der Klimatisatioun, der Ventilatioun, de Pompelen, déi agesat ginn, awer och der Beliichtung.

Ech mengen, eleng d'Tatsaach, datt mer no der Energie kucken an nom Choix vun de Materialien, mécht et méiglech, datt d'Konzeptioun vun engem Gebai nohalteg ka sinn a e Modellbeispill si vun nohalteger Entwécklung.

D'Tatsaach, datt d'Bâtiments publics sech haut schonn zu engem groussen Deel op d'Kritäre vun engem ekologesche Leitfade baséieren, mengen ech, weist datt mer do awer déi richteg Richtung ageschloen hunn.

Obscho mer en öffentleche Patrimoine hunn, deen nach net esou al ass, muss een awer, wann ee genee hikuckt, feststellen, datt leider hei den Entretien net an deem Ausmooss gemaach ginn ass, wéi mer eis dat hätte kënne wënschen, mä dat ass jo souwisou ze spéit.

Wann een awer weess, datt de Patrimoine, dee mer haut hunn, sech verdräifache wäert, da mengen ech, muss een awer kucken, datt ee sech an Zukunft Kreditter reservéiert, fir den Entretien esou ze maachen, datt déi Gebaier, déi mer haut bauen, op engem héijen Niveau kënne gehale ginn.

D'Tableauen a mengem Rapport weisen drop hin, datt d'Schéier tëschent dem Entretien an den neien Investitiounen, awer och Investitiounen, déi geholl gi fir d'Gebaier erëm op e gewëssenen Niveau ze setzen, ganz séier auserneë ginn. An deem Sënn musse mer dat fir d'Zukunft änneren. Maache mer dat net, da mussen déi Generatiounen, déi no eis kommen, déi Käschten iwwerhuelen a vill méi grouss, a vill méi important Interventioune finanzéieren, déi dann net méi wäerten an den ordinären Dépensen erëm ze fanne sinn, mä dann alt erëm eng Kéier an d'Investitiounsfongen erandrécken, an dat mengen ech, wier net richteg geschafft.

An datt een den Entretien verbessere soll a kann, huet eng gemeinsam Recherche vum Centre de Recherche Public Henri Tudor an de Bâtiments publics gewisen, Recherche, déi sinn zum Schluss koum, datt een dat a sech kann iwwert den Entretien préventif maachen, also e vorbeugenden Ënnerhalt, deen dora besteet, an enger globaler Démarche vun der Gestioun vum Patrimoine immobilier, eng Démarche, déi all ufalend Aarbechten op allen Ouvragen an Equipementer opdeckt, an déi zum Ziel huet, e bessere Fonctionnement ënnert de rentabelste Konditiounen ze erreechen. Virun allem awer soll den Entretien préventif évitéieren, datt allerklengst Mängel zu schlëmmsten Désordre kënne féieren.

Nun, wat sinn d'Objektiver, déi ee mat engem Entretien préventif verfollegt? Ma éischtens, d'Liewensdauer vun de Gebaier eropsetzen, zweetens d'Qualitéit vum Fonctionnement verbesseren, d'Zefriddenheet vun de Leit, déi dra musse schaffen, erfëllen, d'Investitioune laangfristeg schütze fir doduerch Gewënner à long terme ze maachen. Dat ass natierlech méi séier gesot, wéi gemaach. A fir dat ze maachen, muss een den öffentleche Besëtz kënne géréieren, andeem datt een emol all Elementer iwwert d'Gebaier ophëlt a répertoriéiert, dëst duerch regelméisseg Kontrollen, andeem datt een den Zoustand vum Gebai évaluéiert an d'Exigenz entwéckelt, fir se ze ënnerhalen, an andeem ee sech d'Leitlinne gëtt iwwert déi Dépensen, déi prioritär musse getätegt ginn. Esou e System géif et engem erlaben, den Entretien „just in time" ze maachen.

Déi rapid Entwécklunge vun den neien Informatiounstechnologien erlaben et dëser Iddi nozekommen an esou éierbar ze plangen, an dann och déi néideg Kreditter dofir ze reservéieren. Wat dat awer fir d'Finanze bedeit ass evident, an ech mengen, datt déi Analys, déi ech hei gemaach hunn, just dorobber erausleeft, fir datt mir an Zukunft déi néideg Kreditter halen, fir déi nei Gebailechkeete muer kënnen ze ënnerhalen, déi mer haut bauen.

Well den Entretien préventif och laangfristeg gekuckt gëtt, ass de Finanzement vum Entretien net nëmmen net héich genuch, mä och net flexibel genuch an deem Sënn, datt den Entretien iwwert den ordinäre Budget finanzéiert gëtt. Dëst entsprécht awer net der Iddi vun engem Entretien préventif, deen eng méi grouss Flexibilitéit brauch, well en op enger pluriannueller Organisatioun baséiert. Eng pluriannuell Organisatioun vun den Ënnerhaltsaarbechten kann och nëmme pluriannuell exekutéiert ginn an erstreckt sech dofir och iwwer e puer Budgetsexercicen. An deem Sënn wier et erstriewenswäert, datt déi Kreditter, déi ee brauch fir den Entretien, d'Remise en état, d'Conformisatioun, d'Sécurisatioun vun de Gebaier, iwwer e Fong géife getätegt ginn, wat engem eben eng méi grouss Flexibilitéit géif ginn, e Fong, dee wéi déi aner Fonge géif alljährlech gespeist ginn.

Esou kënnt ee sech en Investitiounsfong fir den Entretien préventif virstellen, deen et géif erlaben, d'Kreditter ëmmer dann zur Verfügung ze hunn, wann den Entretien néideg ass. Den noutwendegen Entretien wier dann net méi a Fro gestallt, well keng Kreditter do sinn. Den Know-how, fir esou e virbeugenden Entretien ze maachen, ass ginn. Dësen ass vun de Bâtiments publics zesumme mat dem Centre de Recherche Public Henri Tudor entwéckelt ginn. Hinne kann een nëmme fir hir Aarbecht félicitéieren. Un eis läit et, déi néideg Kreditter am Budget virzegesinn an de Finanzement esou ze gestalten, datt déi Viraarbecht, déi gemaach ginn ass, sech och an d'Praxis ëmsetze léisst.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif zum Schluss kommen, a soen, datt d'Konklusioun, déi mer mussen zéien, déi ass, datt Lëtzebuerg a sech keng Insel ass. Vill Lëtzebuerger oder vill Leit hunn an der Vergaangenheet ganz sécher gemengt, dat géif ëmmer esou virugoen oder weidergoen.

Eng wichteg Léier, déi mer hoffentlech alleguer aus dëser Situatioun gezunn hunn,ass, datt mer eis ëmmer erëm mussen a Fro stellen, datt mer och eis Errungenschaften, eis Acquisen, wéi mer dat esou schéin nennen, ëmmer erëm mussen a Fro stellen an ëmmer erëm nei mussen all Dag derfir kämpfen an all Dag derfir schaffen.

Mir däerfen elo och net de Feeler maachen, einfach an ee blannen Aktivismus ze verfalen. Ouni wëllen d'Situatioun erof ze spillen, gëtt et dach awer positiv Elementer.

Eist Land an eis Ekonomie sinn héich kompetitiv. Et gi positiv Unzeeche vun enger Reprise. Et gi positiv Unzeechen, datt de Ralentissement vun der Ekonomie an Europa net laangfristeg ass. Trotzdeem musse mer virsiichteg bleiwen an eis op all Eventualitéit astellen, besonnesch awer musse mer weiderfueren, d'Land optimal op seng Zukunft virzebereeden, an dat nom Prinzip vun der Nohaltegkeet. Da sinn ech sécher, dass mir mat vill Schwonk an Driff erëm eng Kéier gudden Zäiten oder nach besseren Zäiten entgéint ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee sech un d'Redaktioun vum Rapport iwwert dat wichtegst Gesetz vum Joer setzt, an dat besonnesch ënnert deene Prémissen, déi ech elo just hei ervirgestrach hunn, dann ass et kloer, dass een déi Aarbecht, déi mat vill Responsabilitéit verbonnen ass, net eleng bewältege kann. Ech wëll dofir deene Leit merci soen, déi mer mat vill Asaz zur Säit stoungen. Dat ass un éischter Stell de ganze Staff aus dem Fraktiounssekretariat, deen et erméiglecht huet, datt de Fraktiounssekretär, den Dan Theisen, an d'Mataarbechter aus der Fraktioun, d'Marguy Kohnen an de Jean Lammar, sech intensiv mat dësem Rapport ausenanersetze konnten. Ech wëll och dofir eisem Fraktiounspresident, dem Jean-Paul Rippinger, merci soe fir seng Ënnerstëtzung…

***(Interruptions)***

…a fir all déi Moyenen, déi e mir zur Verfügung gestallt huet, fir ee méi schaarft a kloert Bild vun deem wirtschaflechen a soziale Kontext ze kréien, an dee sech de Budget 2003 aschreift.

Et hëlleft sech mat deenen ze konzertéieren, déi alldeeglech de Bols vun eisem Land spieren. Ech wëll dofir de Beruffschamberen och ee grousse Merci ausspriechen, déi, wéi all Joer, duerch eng schréftlech Contributioun hir Analys vun der Situatioun gemaach hunn an déi se och nach eng Kéier a ganz interessante Gespréicher duergeluegt hunn.

An deem Merci sinn natierlech och all Organisatiounen aus dem Finanzsecteur mat abegraff. Dee Merci gëllt awer och dem Budgetsminister an all deene Leit aus de Ministèren an de Verwaltungen, mat deenen ech genau esou interessant wéi konstruktiv Gespréicher hat. Besonnesch wëll ech hei déi gutt Collaboratioun mat der IGF, der Inspection Générale des Finances, de Bâtiments publics an de Ponts et Chaussées ervirsträichen, ouni, wat mäi Kapitel iwwert de Patrimoine immobilier de l'Etat ubelaangt, d'Mataarbechter aus dem Centre Henri Tudor ze vergiessen.

Last but not least wëll ech menge Kolleegen aus der Finanzkommissioun, virop hirem President, fir dee Spillraum, dee se mer bei der Redaktioun vun dësem Rapport gelooss hunn, merci soen. Ee grousse Merci gëllt och dem Kommissiounssekretär Benoît Reiter, dee mat vill Gedold de Puzzle vum Budgetsrapport zesummegesat huet.

A fir dann elo wierklech zum Schluss ze kommen, wëll ech deenen anere Kommissiounen aus der Chamber och merci soe fir déi schréftlech Avisen, déi si zu dësem Budget geschriwwen hunn, an lech all géif ech merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Rapporteur, dem Här Emile Calmes.

Mar um halwer dräi héiere mer dem Här Statsminister Jean-Claude Juncker an dem Här Budgetsminister Luc Frieden hiren Exposé iwwert de Statshaushalt vum Joer 2003.

Domat wier d'Sitzung opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 15.26 heures)***

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

*och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*

## Ordre du jour

5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003

*(Exposé de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances - Exposé de M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Charles Goerens et Carlo Wagner, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.34 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

Dann héiere mer elo den Exposé vum Här Statsminister Jean-Claude Juncker iwwert de Statshaushalt vum Joer 2003. D'Wuert huet den Här Stats- a Finanzminister.

### 5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003 *(Suite)*

***Exposé de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, Lëtzebuerg ass keng Insel. Dat hu mer an de vergaangene Joren dacks gesot. Ob mer et ëmmer gegleeft hunn, weess ech net. Elo wësse mer et, a jiddferee mécht esou, wéi wann en et ëmmer scho gewosst hätt, och déi, déi heibannen an dobaussen de Stat an de Sue schwamme gesinn hunn, och déi, déi dobaussen an heibanne gelaacht hunn, wann een hinne gesot huet, dat kënnt sech bal iwwer Nuecht änneren.

Elo huet et sech geännert an op déi Änneruing musse mer reagéieren, ouni ze iwwerreagéieren. Iwwerreaktioune wieren zwar spektakulär a géifen d'Impressioun opkomme loossen, hei géif ee schwätzen, dee géif richteg duerchgräifen an zolidd handelen. Iwwerreaktioune sollen net sinn, well géif et se ginn, da wiere se geféierlech a si géife méi schueden, wéi dass se géifen notzen.

D'Effekter an d'Konsequenze vun der Welt- a vun der Euro-Wirtschaftskris, déi hunn d'Lëtzebuerger Grenzen erreecht. Mä dat Haus, wat mer an deene leschte Jorzéngten opgebaut hunn, steet net a Flamen. A well et net a Flame steet, brauch een och net mat dem grousse Läschzuch erauszefueren. Et besteet de Verdacht op Sickerbrand an eenzelnen Zëmmeren. Wann een d'Gefor vum Sickerbrand ënnerschätzt, da kann dat ganz geféierlech Konsequenzen hunn an da kann d'Haus geschwënn an héije Flame stoen. Well et awer nach net an héije Flame steet a well mer verhënnere wëllen, dass d'Feier sech meeschter mécht, a well mer de Sickerbrand an deenen eenzelnen Zëmmere kloer am Bléck hunn, hu mer esou reagéiert op déi partiell Gefor, wéi mer reagéiert hunn. Fir kënne richteg op dee Sickerbrand an eenzelnen Zëmmeren an op eenzelne Stäck ze reagéieren, muss een emol kucken, wéi et da ronderëm déi Insel ausgesäit, déi keng Insel ass.

Wann ee sech d'Méi gëtt - et wär gutt, wa jiddferee sech déi Méi géif ginn - iwwregens net nëmme seng eege Rieden nozeliese vun deene leschte Joren, wa mer heiriwwer geschwat hunn, wéi d'Konjunkturprognose sech an deene leschten zwee Joer gejot hunn, da géif e feststellen, datt ee kann dronke gi bei dem Réckbléck op dee Prognosekarussell.

D'Europäesch Kommissioun, an där hirem Prognoseperimeter mer eis normalerweis bewegen, wa mer Budget schwätzen, Budget maachen, Budget exekutéieren a Budget opstellen, ass vun engem Danzbeen op dat anert gesprong an deene leschten zwee Joer, a mir sinn net all Kéier matgesprong. D'Europäesch Kommissioun huet am Abrëll vum Joer 2001, wéi mer also am gaang waren de Budget fir d'Joer 2002 virzebereeden, dovu geschwat, dass Lëtzebuerg géif am Joer 2002 ëm 5,5% wuessen.

Well dat wirtschaftlecht Ëmfeld weltwäit sech agetrübt hat, well jo déi Weltkonjunktur sech mordicus net wëllt un dat halen, wat mir an Europa décidéieren, huet déiselwecht Kommissioun am Hierscht 2001 festgestallt, d'Lëtzebuerger Wirtschaft géif ëm 3% am Joer 2002 wuessen. An am Fréijoer 2002, also wéi mer amgaang waren de Budget fir d'Joer 2003 virzebereeden, huet d'Kommissioun gesot, d'Lëtzebuerger Wirtschaft géif ëm 2% wuessen, mä huet erleuchtend fir alleguer déi, déi um Pad vun dem ondäitleche Wirtschaftswuesstem gewandert sinn, derbäigefügt, dass d'Neesusprange vun der europäescher Wirtschaft iminent wär fir d'zweet Semester vum Joer 2002. D'OECD huet am Juli vun deemselwechte Joer 2002 festgestallt, dass d'Reprise an der Welt an an Europa sech géif am Laf vum zweeten Trimester 2002 accéléréieren.

An deem Klima, an där Prognoselandschaft hu mer de Budget fir d'Joer 2002 opgestallt. Déi Prognoseprofiléierung war impressionant. Well wéi mer de Budget fir d'Joer 2002 hei an der Chamber abruecht hunn, si mer vu méi wéi engem, an net nëmme vun net prominente Spriecher vun der Oppositioun, kritiséiert ginn, dass mer d'Einnahme fir d'Joer 2002, besonnesch déi konjunktursensibel Einnahme wéi d'Taxe d'abonnement an den Droit d'enregistrement erëm eng Kéier bewosst a falsch ageschat haten. Fir si a fir eis huet et mussen iwwerraschend wierken, dass am Hierscht 2002 d'EU-Kommissioun fënnt, wa se bis un d'Enn vun dësem Joer kuckt: D'Lëtzebuerger Ekonomie géif ëm 0,1% wuessen am Joer 2002, am Joer 2003 ëm 2% an am Joer 2004 ëm 3,4%.

Dat, wat engem do fir d'Joer 2004 an Aussiicht gestallt gëtt, ass eng erfreelech Perspektiv. Et geet zwar net duer, fir all déi Fuerderunge laangfristeg ze erfëllen, déi op anere Stammdëscher wéi heibannen décidéiert gi sinn, mä ass ëmmerhi méi, wéi déi Wuesstemsperspektiv, déi mer de Moment fir eist Land kënne kuerzfristeg gesinn. Mä mëttelfristeg gesäit een, wéi den Här Thorn (vun der Wierklechkeet regelméisseg dementéiert) an der zweeter Halschent vun de 70er Jore gesot hu-et: Et gesäit ee Liicht um Enn vum Tunnel.

D'Konsensprognos am Fréijoer 2002 war, souwuel vum Internationale Währungsfong, wéi vun der OECD, wéi vun der Europäescher Kommissioun, wéi vum Statec, wéi vun der Lëtzebuerger Regierung, wéi vu jiddferengem bal heibannen, dass et géif zu engem Neesusprange vun der europäescher Konjunktur, an domat zu engem Ugesprongebleiwe vun der Lëtzebuergescher Konjunktur am zweete Semester vum Joer 2002 - an deem si mer - kommen.

D'Konsensprognose vun allen Instituter, vun allen Institutiounen a vun allen Organisatiounen, ass de Moment fir ze soen, et ass esou sécher wéi d'Amen am Gebiet - déi eenzeg reliéis Leit sinn eigentlech nach just d'Wirtschaftsprognostiker -, dass et géif zu engem Usprange vun der Welt-, vun der Euro- an dann awer och vun der Lëtzebuerger Konjunktur am zweete Semester vum Joer 2003 kommen.

De Budget 2002 ass opgestallt ginn an der fester, vu kengem contestéierter Erwaardung, dass et zu enger Reprise vun der Ekonomie géif am zweete Semester 2002 kommen. De Budget 2003 ass opgestallt ginn an der fester, vu kengem contestéierter Konsensprognosesetzung, dass et am zweete Semester vum Joer 2003 zu enger weltwäiter wirtschaftlecher Erhuelung géif kommen.

Wat ass dann elo geschitt am Joer 2002? Eigentlech sinn déi éischt sechs Méint picco bello gelaf. D'Prognose ware gutt, keen huet hinnen, bis op liicht Nuancéierungen, widdersprach. Et ass an Amerika zu enger wochelaang unhalender Erhuelung vun der Gesamtkonjunktur komm, mat liichten Overspill-Effekter op d'europäesch Konjunktur. An dunn ass geschitt, datt am Summer déi Erhuelung vun der Weltwirtschaft, a virun allem vun der Euro-Wirtschaft, a sech selwer zesummegebrach ass. Dee massiven Abroch vun der Euro-Konjunktur a vun der Weltkonjunktur huet selbstverständlech och Impaktbildungen an der Lëtzebuerger Ekonomie zur Folleg gehat, an deen Abroch an der Lëtzebuerger Ekonomie hat selbstverständlech zur Folleg, dass et zu enger manner séier wéi erwaartener Entwécklung komm ass, wat d'Steiereinnahmen hei zu Lëtzebuerg ubelaangt.

Ech hu gesot, dass déi amerikanesch Konjunktur, no engem ufänglechen Opflamen, erëm a sech selwer zesumme gefall ass. Dat huet sech kombinéiert mat engem enorme Réckgank op de Boursen, net nëmmen an der Folleg vum 11. September 2001, mä och op Grond vu strukturellen, perverse Verschiebungen an den Akommes- a Besëtzverhältnisser an de Vereenegte State vun Amerika, sou zwar, datt eleng an der Triade, dat heescht an Europa, Amerika a Japan, am Joer 2002 wat nach net eriwwer ass, bis elo 8.000 Milliarden Euro op der Bourse vu Verméigenswäerter zerstéiert gi sinn. Dobäi ass komm, dass déi däitsch Konjunktur total ageknéckt ass, wat ee schwachen Ausdrock ass fir ee gewaltege Virgank, deen déi däitsch Vollékswirtschaft erreecht huet. Den Euro-Raum ass doropshin a senge Wuesstumsbestriewungen extrem ofgebremst, geschwächt ginn. Dobäi kënnt eng geo-strategesch Onsécherheet, där hir gesamt physiologesch Effektbildung een ëm Himmelswëllen net soll ënnerschätzen, ronderëm d'Pläng vun dësem a vun deem, a vun aneren, fir am Mëttleren Orient zu enger militärescher Aktioun géint den Irak ze kommen. De Kumul vun all deenen Elementer ergëtt en totaalt Ofschwenke vun engem am Ufank vum Joer däitlech erkennbare Vertrauensréckgewënn, dee sech verwandelt huet an een totale Vertrauensabroch. An dee sengersäits hat zur Folleg datt et zu engem, op Grond vum Vertrauensabroch, liicht erklärbare Konsumréckgank komm ass am europäesche Raum.

Wann ee weess, dass déi däitsch Ekonomie een Drëttel vum gesamte Wirtschaftsbruttosozialprodukt vun der Eurozon duerstellt, a wann ee weess, dass besonnesch an Däitschland d'Bannennofro a sech selwer zesummegebrach ass, a wann ee weess, wat en Zréckgoen vum däitsche Konsum op deenen aneren europäesche Mäert, déi deen däitsche Maart bedéngen, zur Konsequenz huet, ass et zesummegeholl net verwonnerlech, dass mir, wuel mat laanger Verspéidong op déi aner europäesch Länner, och vun den Auswierkungen vun där europäescher a vun der Weltwirtschaftskris erreecht gi sinn. Eng Weltwirtschaftskris, niewebäi bemierkt, déi verharmlost gëtt, well all nüchterne Bléck op d'Zuele weist, dass et déi gréisste Wirtschaftskris vun deene leschten 30 Joren ass, déi an der Intensitéit dat dépasséiert, wat mir an de 70er an an den 80er Joren um Weltwirtschaftsplang erlieft hunn.

Dat alles zesumme geholl, beienee geluegt an ausernee gepléckt, ergëtt, dass mer och e wirtschaftleche Réckgank zu Lëtzebuerg ze verzeechnen hunn, deen natierlech besonnesch däitlech op der Finanzplaz bemierkbar gëtt, an Deelberäicher vun der Finanzplaz, während an aneren Deelberäicher vun der Finanzplaz positiv Zuele geschriwwe ginn, op Grond vun där an deene leschte Joren intervenéierter Diversifizéierung vun der Produktpalett op der Finanzplaz.

Dee Réckgank op der Finanzplaz, déi konterbalancéiert ginn ass duerch e Weidergoe vum Wirtschaftswuesstum an der Industrie bis zu 4%, dee sech elo däitlech ofgeschwächt zum Schluss vun dësem Joer presentéiert, erkläert fir wat mir Réckgänk bei der Lounsteier ze verzeechnen hunn, bedéngt natierlech duerch de Ralentissement vun der Ekonomie an duerch eng staark ofhuelend Tendenz am Aarbechtsmaarterweiterungspotenzial, dat erkläert wéisou datt mer bei der Taxe d'abonnement, déi also besonnesch konjunktur- a börsenempfindlech ass, e staarken Abroch hunn, grad op där Tax, vun där d'lescht Joer nach gesot ginn ass, de Finanzminister hätt se bewosst falsch an ze niddreg ageschat, och um Niveau vun den Droits d'enregistrement, vun deenen d'lescht Joer heibannen och nach vun Eenzelne behaapt ginn ass, de Stats- a Finanzminister hätt se bewosst ze niddreg agesat fir d'Parlament an d'Leit un der Nues erëmzefëieren, an och um Niveau vun der TVA, wat u sech op deen éischte Bléck en erstaunleche Phenomeen ass, well mer jo duerch eng gesteigert Kafkraaft, notamment bewierkt duerch gesteigert Sozialausgaben an duerch gemindert Steierbelaaschtungen hätte missten zu méi Konsum kommen, stellt ee fest, dass am Beräich vun der TVA, besonnesch de Secteur vun de Servicer, dat heescht vun den Déngschtleeschtungen un de Finanzsecteur, et zu enger Regressioun komm ass. A vu, dass déi TVA belaascht ass, ass et evident, dass et och do zu engem Réckschrëtt kënnt, vun deem een iwwregens nach net kann an dem Gesamtpak TVA soen, wéi et sech um Enn vum Joer wäert definitiv am Resultat vun den Einnahmen vun der TVA duerstellen.

Et ass en interessante Virgank, deen esouguer d'Wëssenschaft am Ausland ufänkt ze interesséieren, an d'Amateuren hei am Land nach net bis elo op d'Barrikade bruecht huet, datt an engem Land, wou eng Steierreform gemaach ginn ass, et awer zu engem Konsumréckgang kënnt. Dat huet mat der Taille vun eiser Ekonomie ze dinn, mat dem Behuele vun der Lëtzebuerger Konsumentesoziologie, déi relativ vill vun deem, wat se u Kafkraaft gewannen ausserhalb vun de Landesgrenzen zum Asaz bréngen, an huet och eppes mat der Mediegesellschaft ze dinn, een Aspekt, un deen ee ganz selten denkt, an deen esou plomp ass, dass ee sech bal généiert - mä all Mënsch seet mer, dass et awer esou ass -, fir dat ze schilderen.

Duerch de Matraquage vun der däitscher Medienberichterstattung, an niewebäi bemierkt och duerch déi däitsch Ondugend, dat eegent Land pausenlos schlecht ze maachen, well déi däitsch Wirtschaft befënnt sech bei wäitem net an esou engem desolaten Zoustand, wéi eenzel Oppositiounspolitiker a Medienberichterstatter dat de Moment wëllen déi Däitsch gleewen dinn, dass d'Impressioun opkënnt, mir wieren zu Lëtzebuerg matzen an der Kris, an der Rezessioun, well mer et jo all Owend héieren op der Televisioun, an da muss et jo stëmmen, dass alles d'Baach erofgeet an dass Steiererhéijungen an d'Haus stinn. Do fënnt eng ganz erstaunlech Verschiebung vun de geographeschen Tatsächlechkeete statt, well d'Leit hei ganz dacks en aneren Androck hu wéi dee vun eisem Raum, wou d'Kafkraaft geklomm ass, wou d'Finanzsituatioun besser ass, a wou d'Konsumenteverhalen deementspriechend och misst anescht sinn. Mä trotzdeem stelle mer fest, datt dat nët esou ass.

Aus all deenen tatsächleche wirtschaftleche Virgänk, aus all deene psychologesche Feelinterpretatiounen, an aus all dem Duercherneen an de Käpp an an de Verhalensweisen, ergëtt sech, dass mer och zu Lëtzebuerg een, wann och beschränkten, esou trotzdeem feststellbare Réckgank vun de Konsumausgaben an eng Ëmorientéierung vum Konsumverhale feststellen, wouraus sech erëm ergëtt, einschlägeg beluegt vu villen, déi sech dozou geäussert hunn, an identesch esou ageschätzt vu villen, déi doriwwer nogeduecht hunn, dass wa mer net an de Joren 2001 an 2002 am Beräich vun de Privatpersounen zu enger massiver steierlecher Entlaaschtung komm wären, mer en effektive Konsumréckgank zu Lëtzebuerg gehat hätten, dee sech an engem vill méi däitleche Mooss negativ op d'Statsfinanzen an op d'Einnahme vum Stat ausgewierkt hätt, wéi dat elo de Fall ass.

Dat heescht, ouni Steierreform 1 an 2 wär et zu engem däitlechen Ofsacken, engem regelrechten Ofstierze vun de Konsumausgabe vun de Privathaushalter zu Lëtzebuerg, dat heescht, innerhalb vun de Landesgrenze komm. Zu deem ass et, Gott sei Dank, net komm duerch déi Steierreformen, déi am richtege Moment gemaach gi sinn: net datt se onbedéngt aus deene Grënn, fir dee Moment geplangt waren, mä se longe jiddefalls richteg an deem Moment, esou wéi mer dat och schonn 1990, 1991 an 1992 bei där Steierreform, déi mer deemools gemaach hunn, och an engem Moment vu konjunktureller Réckbildung, konnte feststellen. Op alles dat huet ee musse reagéieren an et muss ee beschreiwen, wéi mer op alles dat reagéiert hunn.

Op de Budget 2002, dat heescht, deen de Moment amgaang ass ausgefouert ze ginn, ze reagéieren, ass natierlech enorm komplex. Reaktioune si jo net nëmmen am Beräich vun dem Wëlle festze-

maachen, Reaktiounen, wa se dann deen néidege Buedem vu Wëlle géife fannen, misste se sech jo och a Gesetzer iwwerdroen, an déi misst een dann nach am Laf vum Joer 2002 séier op de Wee kréien, fir zu Haushaltsëmschichtungen ze kommen, wa se dann noutwenneg wieren. Ech mengen net, dass se et wieren. Dat ass jo net méiglech, a kee kritt dat eigentlech an der Europäescher Unioun hin.

Et muss een awer wëssen, datt op Grond vun der wirtschaftlecher Eintrübung - wat en zäertlechen Ausdrock ass fir dee bal rezessiv Formen unhuelende Réckbildungsvirgang an der Europäescher Unioun -, also et ass net méiglech fir op dee bal rezessive Virgang ze reagéieren mat de Mëttele vun der normaler Gesetzgebung, an dofir gëtt och d'Exekutioun vum Haushaltsjoer 2002 a sengem Endofschloss en extrem schwieregen Exercice, bei deem net kann ausgeschloss ginn, dass et zu Defizitbildungselementer, op den eegenen Exercice 2002 bezunn, ka kommen, wat u sech awer - wéi ech herno nach vläicht d'Geleeënheet kréien auszeféieren - kee gréissere finanzpolitesche Problem ass, wéinst enger gutt dotéierter Budgetsreserv, déi offiedernd kann an Opstellung bruecht ginn, wann et zu viriwwergehenden Defizitbildungen, op eng Zwielefméintsperiod bezunn, géif kommen. Ech weess, dass de Budgetsminister alles mécht, fir dat a Grenzen ze halen, oder fir et, esou wäit wéi dat méiglech ass, ze verhënneren.

Op de Budget 2002 ze reagéieren ass quasi onméiglech. Op de Budget 2003 Afloss ze huelen ass grad esou néideg, wéi et onméiglech ass op de Budget 2002 a senger Endexcecutiounsphas nach hiewelwierkend Aflosselementer sech auswierken ze loossen.

Wat maache mer fir de Budget 2003? Den Här Frieden, Minister vum Budget a vum Trésor, wäert dat herno nach am Detail erklären. Wat maache mer am Joer 2003? Mir kommen einfach, well dat muss esou sinn, well dat déi budgetär Véridicitéit esou wëllt a well ekonomesch Gesetzer finanziell Resultater produzéieren, déi een net kann aus der Welt schafen, zu enger neier Aschätzung vun der Recettësäit am Statsbudget a kommen zu enger neier Ausgabenureiung fir d'Joer 2003 op der Säit vun den Dépensen.

Et ass eng Polemik driwwer entstanen - déi ech awer elo hei net wëll kommentéieren -, ob d'Regierung de Budget fir d'Joer 2003 ofgeännert huet oder net. Richteg ass et, dass de Finanz- a Budgetsminister gesot huet, et géif zu kengen drasteschen Iwwerpréifunge vun der Budgetspolitik kommen, richteg ass, dass et zu kengen drasteschen Iwwerpréifunge vun der Budgetspolitik kënnt; richteg ass awer och, dass d'staatlech Ausgabe fir d'Joer 2003 par rapport zum Projet de budget, dee mer am September virgestallt hunn, ëm 2% ofgesenkt ginn. Et hätt jo nach gefeelt, dass mer d'Ausgabe fir d'Joer 2003 ëm 2% an d'Luucht gesat hätten. A richteg ass et och an dem historesche Verglach. Ech hunn dee gemaach, ech wëll dat just warnend soen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech och!

***(Interruptions)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Dir wësst jo nach guer net, wat fir een dass ech gemaach hunn.

***(Interruptions)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ob et eng Ëmännerung ass a mat wéivill Prozent.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Den Här Krecké, deen anticipéiert ëmmer d'Wouerecht, woubäi ech hoffen, dass e se herno och wëllt héieren.

***(Interruptions)***

Op jidde Fall sinn déi Amendementer, déi d'Regierung dem Budgetsprojet fir d'Joer 2003 zoubréngt, ënnert dem Schnëtt vun den Amendementer, déi d'Regierung an deene leschten 20 Joer de Budgeten zoubruecht huet, mat engem Ënnerscheed: Wa mer méi wéi 2% bei den Amendementer par rapport zu dem Projet de budget geännert hunn, war et ëmmer fir méi wéi 2% méi auszeginn. Dës Kéier ass et fir d'éischt, wou mer 2% manner ausginn, sou dass ech mengen, dass dat jiddefalls déi adequat Reaktioun wier op déi aus den techneschen Einnahmenadaptatioune resultéierende Folgekonsequenzen.

Ech hu gesot, d'Haus géif net a Flame stoen an dofir dierft ee keng Iwwerreaktiounen a seng Reaktiounsfelder sech aschläiche loossen. Dat brauche mer och net ze maachen, well een dee gutt virbereet ass op eng bestëmmte Situatioun, vun där e sech dacks konnt denken, si kéint kommen a vun där déi meescht geduecht hunn, et wier eng Erfindung vun deem, deen hei schwätzt, dee brauch net iwwerzereagéieren, well dee kann e kille Kapp behalen, wann et waarm gëtt.

An dee kille Kapp, deen hu mer och behalen, wéi mer déi Zuele kritt hunn, souwuel vu Bréissel wéi vu Paräis - ech schwätze vun der OECD -, wéi vu Washington vum Weltwährungsfong, wéi vum STATEC. Dee kille Kapp hu mer behalen, andeem mer eis emol fir d'éischt un dat gehalen hunn, wat d'lëtzebuergesch Gesetzgebung virschreift, d'Tripartite-Gesetzgebung, awer déi kennt jo kee méi heibannen. Well mer jo an deene leschte Joren einfach ze dacks eng Tripartite aberuff hunn, wësse mer iwwerhaapt net méi, wéini dass d'Gesetz virschreift, dass een eng muss aruffen.

Wann d'Situatioun esou ass, wéi se elo ass, wann d'Indicateurë sech esou no ënnen tendenziell verschieben, wéi dat an deene leschte Méint geschitt ass, da spillt d'Gesetz vum Dezember 1984 iwwert d'automatesch Indexéierung vun de Léin a Gehälter, ee Gesetz wat jo net seet, dass d'Indexupassung ëmmer muss esou bleiwen, wéi se haut ass. Mä déi deemools vun der CSV-LSAP-Koalitioun op de Wee bruechte Gesetzgebung gesäit jo vir, ënner wat fir Ëmstänn déi automatesch Indexéierung vun de Léin a Gehälter ka moduléiert ginn.

Bei esou engem reversibelen Instrument - d'Indexgesetzgebung op Grond vum Gesetz vun 1984 - do muss een also d'Indicateurë liesen. A wann ee bestëmmte Lieselementer huet, da muss ee laut Gesetz d'Tripartite zesummeruffen, wat mer och gemaach hunn, an zwar fir hir zweet Sitzung, dat heescht, fir den Dag no der Presentatioun vun den Hierschtprognose vun der Europäescher Kommissioun. Deen Datum, wou d'Tripartite fir d'zweet zesumme getrueden ass, war jo keen neutralen Datum, well do hu mer déi neisten Zuele vun der Kommissioun dee Mëtte virdru kritt, a mir hu mat de Sozialpartner, wéi dat normal an üblech ass, berotschlot, wéi een da soll op déi Situatioun, déi europäesch an déi national, reagéieren.

D'Sozialpartner hu bei där Geleeënheet, souwuel bei där éischter Sitzung wéi bei där zweeter, zum Ausdrock bruecht, datt se op Grond vun einschlägegen Exposéë vun deenen zoustännege Ministeren, mat der Reaktiounsaart a Weis vun der Regierung averstane wieren, déi doranner bestanen huet, fir roueg ze reagéieren, fir keng drastesch Moossnamen ze ergräifen, déi e konjunkturdämpfenden a konsumofschwächenden Effekt hätten, a fir bei der bewährter Politik vun deene leschte Joren ze bleiwen, mat deene weder déi eng nach déi aner Sozialpartner am Detail averstane sinn, mä déi awer no der Mainstreambildung vun der Politikgestaltung als déi richteg Politik vun deenen leschte Joren an och fir déi nächst Joren erschéngt.

D'Sozialpartner hunn nach eng Kéier zum Ausdrock bruecht, dass se der Meenung sinn, dass et gutt war, dass dëst Parlament fir d'Joren 2001 an 2002 déi duebel Steierreform an de Mémorial bruecht huet, dat heescht an d'Wierklechkeet vun de Portemonnaien iwwersat huet, souwuel bei de Privatpersounen, wou et zu enger massiver steierlecher Entlaaschtung komm ass, Steierreform, déi däitlech de Konsumabroch entschäerft huet, a bei de Betriber d'Méiglechkeet schaaft fir de Fall, deen eis jo an der Konsensprognos fir d'zweet Halschent vum Joer 2003 virausgesot gëtt, wou et zu engem Neesusprange vun der europäescher Ekonomie kënnt, d'Investissementer sech an hirem Verlagerungseffekt esou orientéieren, dass se op deenen Territoiren, dat heescht also och Lëtzebuerg, landen, wou fiskal Apaisementer an deene leschte Jore geschitt sinn.

Vu dass d'lëtzebuergesch Kierperschaftssteier an d'lëtzebuergesch Betribssteier op 30% ofgesenkt gi sinn, maache sech d'Investmentdrainings a Richtung Lëtzebuerg fir de Fall, wou d'Ekonomie erëm usprëngt, an déi wäert jo erëm usprangen, an huet sech eng Investéierungsstabilisatioun zu Lëtzebuerg erginn, well hei d'Steieren erofgaange sinn, während se an anere Länner net erofgaange sinn oder eropgaange sinn. Doduerch sinn Aktivitéiten zu Lëtzebuerg bliwwen, wat mëttelfristeg betruecht een unhalend gutt droende Gesamteffekt op d'Lëtzebuerger Ekonomie an op d'Lëtzebuerger Steierbildung huet.

Do gëtt vill driwwer gerätselt - ech hu Verständnis fir dat Gespräch -, ob déi Steierreforme fir d'Joren 2001 an 2002 net vläicht e bëssen ze vill generéis gewiescht wären, ob se net ze wäit gaange wären.

Ech wëll mech hei net mat den Argumenter vun deenen hei bannen an dobausse beschäftegen, déi souwisou fonnt hunn, déi Steierreform géif ze spéit kommen a si géif net wäit genuch goen. Déi hu jo Ursaach, doriwwer frësch nozedenken. Ech wëll mech mat den Argumenter vun deene beschäftegen, déi soen, déi Steierreform ass ze wäit gaang, well déi, notamment d'Kolleege vun der grénger Fraktioun, a Kohärenz mat deem stinn, wat se gesot hunn, wéi d'Steierreforme gemaach gi sinn. Insofern huelen ech dat emol aussergewéinlech eescht, wat do gesot ginn ass.

Fir dorop ze äntwerten, dass mat Ausnahm vu liichten Nuancë beim Zréckhuele vum Spëtzesteiersaz, d'Steierreform fir Privatpersoune keng fundamental Kritik kritt huet, wéi se gemaach ginn ass, mä éischter fonnt ginn ass, dass e relativ substanziellt Ofsenke vun der Gesamtbesteierungslaascht op de Betriber géif am Kader vun engem net contenéierten europäesche Steierdumping lues a lues Formen unhuelen, dass d'Méiglechkeet géif bestoen, dass de Stat am Fall vun enger konjunktureller Réckbildung sengen essentiellsten Aufgaben net kéint nokommen, an dann doraus automatesch sech géif erginn, vu dass ee jo Steiererhéijunge wahrscheinlech aus Konjunkturgrënn net géif maachen, dass am Sozialbudget géif gestrach ginn, fir den Equiliber vun den öffentleche Finanzen hierzestellen. Ech mengen, esou kënnt een dat, wat d'Kolleege vun der grénger Fraktioun an der Zäit gesot hunn, zesummefaassen.

Ech gesinn den Här Bausch ass frou, dass e seng eegen Iddien esou kloer ausgedréckt hei gesäit.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech hunn et ëmmer gär, wa gutt Iddie widderholl ginn.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Voilà, déi Iddi ass gutt, mä si ass falsch.

***(Hilarité et interruptions)***

Net well se aberwitzeg wär. Ech wëll mech guer net op esou en Terrain vu schlagferteger Basisdemagogie hei beginn. Dofir ass dat, wat mir hei ze bespriechen hu vill ze vill seriö.

Wann d'Kritik ass, dass mir elo e finanziellen Engpass hunn - vun deem muss ee jo objektiverweis schwätzen -, well d'Kierperschaftssteier ze vill ofgesenkt gi wär: da stëmmt dat am budgetskonjunkturelle Kontext, andeem mir de Moment sinn, net, aus deem ganz einfache Grond, well d'Produkt vun der Kierperschaftssteier fir d'Joren 2002, 2003 an 2004 par rapport zu de Previsiounen net zréckgeet, well mir déi Reserve kënne mobiliséieren, déi doduerch entstane sinn, datt mir déi besteiert Gewënner vun de Banken net integral ofgeruff hunn an deene Jore vun der Héichkonjunktur, mä se leie gelooss hunn, fir se kënnen ze gebrauchen an Zäite vun engem duerch d'Steierreform entstanenen Engpass, oder engem duerch wirtschaftlech Réckbildung entstane steierlechen Engpass. Dat heescht, d'Ofsenkung vun der Betribsbesteierung spillt an de Joren zwee, dräi a véier keng eminent wichteg Roll. Am Joer 2004 ka se allerdéngs, wa mir eng Rei vu Feeler maachen, eng Roll spillen.

Zweetens, wann d'Wirtschaft sech zréckbilt, wann notamment d'Banken - well dovu schwätze mir, mir schwätzen net dovun, dass mir dem Metzler an dem Coiffeur seng Steierréckstänn elo andreiwen, wéi Eenzelner dat entgéint der Wourecht a bewosst dobausse streeën -, mir schwätzen dovun, fir déi scho besteiert Gewënner an d'Statskeess fléissen ze loossen, wann d'Ekonomie sech zréckbilt, well d'Banke keng Benefisser méi an deem Mooss maachen, obschonns Dir an den nächste Woche wäert gesinn, dass nach eenzel Banke ganz grouss Benefisser wäerte melle fir d'Joer 2001, wat awer guer näischt heescht, wann ee ganz genau kucke geet. Wann d'Benefisser vun de Banken erofginn, dann ass et zimlech egal, ob ech 39,9% Steieren dorop anzéien oder 30%. Wann d'Benefisser net do sinn, da kënnen se net besteiert ginn. Insofern spillt déi Ofsenkung vun der Betribsbesteierung, déi aus wettbewerbserhalenden a -verbessernde Grënn am Joer 2002 gemaach ginn ass, keng grouss Roll.

Déi Iddi, déi Eilferteger direkt streeën, an déi doranner besteet, fir ze soen: „Da kënnt Dir jo déi Steier erëm eropsetzen!“ - den Här Gibéryen ass jo Fachmann vun esou méi séieren Iddien -...

***(Interruptions diverses)***

..., huet natierlech, géif een dat maachen, éischtens iwwerhaapt keen Effet, well doduerch kommen net méi Steieren eran, well wann een null besteiert mat 80% oder mat 12%, da kritt een nach ëmmer nëmmen null eran. Insofern wär dat e Verbrauch vu Mémorialspabeier, dee keng Verännerung vun der Wierklechkeet géif erbäibréngen. An zweetens wär et e Signal an d'Konjunkturlandschaft vu mar eran, deen natierlech gëfteg Wierkung hätt fir d'Reprise vun der Lëtzebuerger Ekonomie, well dann déi Investitiounsentscheedunge, déi de Moment am gaang sinn ze entstoen, sech net a Richtung Lëtzebuerg dirigéieren, mä ëmgeleet ginn an déi Länner, déi méi en niddrege Steiersaz wéi Lëtzebuerg hunn, an där gëtt et jo nach e ganze Koup an der Europäescher Unioun.

Insofern géif ech warne virun engem liichtfertegen Ëmgang, bei aller Seriositéit mat där een d'Argumentatioun muss behandelen, déi notamment vun der grénger Fraktioun virbruecht ginn ass, mat deene Fundamentalaggregater vun der lëtzebuergescher a vun der europäescher Steierlandschaft.

D'Sozialpartner waren an der Tripartite mat der Regierung der Meenung, dass et gutt war, dass mir virun e puer Méint - dorunner hunn Der jo e puer hei bannen och Mérite, net nëmmen aus dem Regierungslager, niewebäi bemierkt -, e breet opgeluegten a breet ugeluegte Programm fir de Logement, souwuel mat steierlechen Ureizer, wéi och op effektiver Ausgaben- an Ënnerstëtzungssäit, gemaach hunn. D'Sozialpartner waren des weideren der Meenung, et wär gutt gewiescht, dass mir an deene leschten an an deenen nächste Joren en héijen Investitiounsvolume wéilten hunn, nämlech a Bruttoinlandsprodukt ausgedréckt den héchsten Investitiounsbudget an der Europäescher Unioun.

En fait ass et esou, mir wären a genau där Situatioun, an där mer haut sinn, ouni dass déi Politik do gemaach gi wär, sauf dass mir nach an enger méi ofgeschwächter Situatioun wären. Dee Moment géife mir haut wahrscheinlech Motioune presentéiert kréien, wou gesot géif ginn: „Setzt d'Steieren op de Privatleit erof, fir dass de Konsum erëm usprëngt! Setzt d'Steieren op de Betriber erof, fir dass der Investitiounsbereetschaft begéint ka gi vun de Betriber duerch eng adequat Planung an eng prévisibel Gestaltung vun der betriblecher Steierlandschaft! Maacht e Programm fir de Wunnengsbau a setzt déi öffentlech Investissementer wiesentlech méi an d'Luucht.“

Well awer all dat scho geschitt ass, kann een natierlech déi Politik do net afuerderen. Et weist sech, dass déi Politikelementer do an hirem Kumul sech net wuesstumsabriechendresistent an alle Momenter vun dem Konjunkturzyklus kënnen auswierken. Et weist sech awer och, dass de Réckgank manner ausgeprägt ass, wéi soss doruechter, well déi Politik gemaach ginn ass. Et weist sech, dass d'Prévisibilitéit vum Gestaltungsperimeter vun de wirtschaftlechen Akteuren, y compris de private wirtschaftlechen Akteuren, doduerch gewënnt, dass d'Leit ganz genau wëssen a wat fir engem steierlechen Ëmfeld se sech bewegen.

Dofir schléisst d'Regierung an alle Fäll aus fir aus Korrektiounsiwwerleeungen eraus bis un d'Enn vun dëser Legislaturperiod zu Steiererhéijungen an iergendengem Steierberäich ze kommen. Dat wär Gëft fir d'Konjunktur. Dat wär e Broch vun der Prévisibilitéit vun der lëtzebuergescher Steierpolitik. Dofir fënnt dat net statt, weder am direkten, nach am indirekte Steierberäich.

Et gëtt gesot, d'Konsumausgabe missten an hirem expansive Kurs gebrach ginn. Ech ginn hei zou, onofhängeg vun den Definitiounselementer vun de Konsumausgaben, dass mir eis an Deelberäicher vun den öffentleche Finanzen op engem, mengem Gusto no, fir dës Zäit ze vill expansiven Ausgabekurs befannen. Dee kann een ofbremsen, ouni dass Dramatesches an der Ekonomie oder am Liewe vun de Leit geschitt, soufern wéi et sech ëm déi lafend Ausgabe vum Stat handelt. Do ka jiddferee seng Phantasie spille loossen, dee mat öffentleche Budgeten ze dinn huet. Dat ass wouer fir d'Chamber a fir hire Budget,

deen een och emol eng Kéier a Rou ka kucken. Dat ass selbstverständlech richteg, net nëmme wouer, mä richteg, fir de Regierungsbudget, dat ass net falsch fir déi kommunal Budgeten. Dass ee probéiert d'Konsumausgaben an de Gréff ze kréien, dat heescht se net aus dem Seel ze loossen, an engem Moment, wou een net däerf, ass eng ëmmer richteg Politik. Flénk a liicht beschriwwen an öffentlecher Ried, schwieregst ze maachen notamment duerch de Budgetsminister an deegleche Klengausernanersetzunge mat deenen, déi 1.000 Euro hei brauchen, an 8.000 Euro do. Déi soen dann: Dat si jo nëmmen 9.000 Euro. Si wëssen awer net, dass et der nach 1.000 gëtt, déi deeselwechten Dag och 9.000 Euro dréngend brauchen. An dann huet ee schonn där Euroe ganz vill gespuert, wann een daf ass op deenen zwee Oueren.

Insofern muss een dem Budgetsminister daf Ouere fir déi nächst Méint wënschen. Hien ass och fäeg, sech mat deem néidege Mooss un Dafheet ze dotéieren, dat e brauch. Och d'ailleurs beim Beäntwerte vun de parlamentareschen Ufroen, déi da selbstverständlech als éischt Konsequenz op esou e Verweigerungsprozess vum Budgetsminister, net feele wäerten hei gestallt ze ginn.

Wat d'Konsumausgaben ugeet muss ee wëssen, dass mer hei, an dorunner sinn der jo vill bedeelegt, zu enger fundamentaler Rezentréierung vun der Lëtzebuerger Finanzpolitik an deene leschte Jore komm sinn. Well vun 1990 bis an d'Joer 2003 sinn d'Konsumausgaben am Budget vun 30% vun der Budgetsmass op 27% vun der Budgetsmass zréckgaangen, ganz einfach doduerch, well den Investitiounsundeel vum Budget natierlech erhieflech an d'Luucht gesat ginn ass an deene leschte Joren, fir ëmmer erëm an der Europäescher Unioun an am Euro-Raum déi héchsten Investitiounsquot par rapport, souwuel zum Budget, wéi och zum Bruttoinlandprodukt ze hunn.

Zu de Konsumausgabe gehéieren an alleréischter Linn d'Personalausgabe beim Stat. Do liest ee jo, dass abenteuerlechen, soziale Revisionismus, do opgetaucht wär an deene leschte Wochen a Méint. Et muss ee wëssen: D'Sozialausgabe beim Stat hunn 1990 24,5% vum Statsbudget ausgemaach. An et muss ee wëssen, fir d'Joer 2003, fir dee Budget, wéi den Här Frieden en amendéiert huet an hei am Haus virgestallt huet, bedroen d'Personalausgaben nach 19% vum Statsbudget. Dat heescht, dass mer am Gesamtfinanzverhale vum Stat, esouwuel d'Konsumausgaben am Budget, wéi och d'Personalausgaben innerhalb vun de Konsumausgaben am Gesamtbudget eng däitlech Tendenz no ënnen hunn, nämlech ëm e puer Prozentpunkten an deene leschten 13 Joer. Doraus gëtt erëm kloer, dass wann ee sech virstellt, wat ech zum Zweck vun der einfacher liicht verständlecher öffentlecher Explikatioun natierlech novollzéie kann, dass een elo misst entweder e Personalstop beim Stat verfügen, oder zu enger substantieller Ofsenkung vun dem Besoldungsstand vun den öffentleche Bedéngschtete kommen, wat haushaltswierksam dat wéinegst Resultat produzéiert, well déi 19% Personalausgaben, déi de Statsbudget beinhalt, maachen insgesamt 72% vun de Konsumausgabe vum Stat aus. Dat heescht, dass de Spuereffekt eleng op der Gehältermass vun den öffentlech Bedéngschteten nëmmen e marginalen Effekt hätt, wat net heescht, dass wann d'Situatioun gräisslech gëtt, een dat net muss maachen. Da maache mer dat och, mä da maache mer nach vill aner Saachen. Mä fir dat elo ze maachen, ouni dass zwéngend Noutwendegkeet besteet, an ouni dass een iwwert dee Wee riseg Montanten am Budget géif spueren, huet näischt mat enger éierlech gemengter Recommandatiounsmass un d'Regierung ze dinn, mä huet éischter eppes mat aneren Iwwerleeungsgrënn ze dinn.

Aus deene Chiffere résultéiert, dass also dat elengt Agéieren op engem Deel vun de Konsumausgaben haushaltswierksam Effekter huet, déi an iwwerhaapt kengem Verhältnis stinn zu deem konjunkturelle Réckgank, an deenen doduerch bedéngte Steierausfäll, déi mer am Statsbudget ze bekloen hunn.

Wichteg ass, dass mer bei de Konsumausgaben, dat heescht, bei de lafenden Ausgabe vum Statshaushalt, wëllen eng däitlech Verlangsamung vun engem heiansdo zevill expansiv gerodene Kurs aleeën. Wichteg ass, an dat ass d'Hand vum Budgetsminister, déi een och an deem Budget hei erkenne kann, an iwwregens och vum Wirtschafts- a streckeweis vum Bauteminister, dass et bei engem héijen öffentlechen Investitiounsvolume bleift. D'Investitiounen am Joer 2003 ginn ëm iwwer 31% an d'Luucht par rapport zu deenen effektiv geleeschtenen Investitiounsdépensen, déi mer bis un d'Enn vum Joer 2002 wäerten exekutéiert hunn. Dat heescht, eng konjunkturkonform Reaktioun op déi Abrochssituatioun, déi mer an der Ekonomie hunn, ass eleng schonn an der Stabiliséierung vun de Konsumausgaben, déi nach méi staark kënnte prononcéiert sinn, an am Uklamme vun den Investitiounsausgabe ganz däitlech ze gesinn.

Mir wëssen also, wat mer maachen, a mir wëssen och, wat mer net maachen. Zum Beispill wësse mer, dass mer der Opfuerderung vu grousse Kreesser vum Patronat, net nokommen, op Grond vun der agetruedener wirtschaftlecher a finanzieller Situatioun, d'Mindestlounerhéijung op den éischte Januar vum nächste Joer auszesetzen. Mir féieren déi Mindestlounerhéijung wéi geplangt mat enger 3,5%teger Upassung vun de Mindestléin fir den 1. Januar 2003 duerch, well mer net wëllen, nodeem mer an de groussen Aggregater vum Budget d'Steieren an d'Ausgaben nei ageschat hunn, ausgerechent bei deenen, déi am mannste verdéngen, also am ufällegste si fir konsumzréckdreiwend Lounaschneidungselementer, Spuerpolitik maachen.

Mir sinn am Géigendeel der Meenung, dass grad déi Leit, déi manner verdéngen, bal alles wat se an der Pai bäikréien, och effektiv Konsumzwecker zoukomme loossen, an net wéi vill anerer hei am Land, déi zwar méi haart jäitze wéi d'Mindestlounbezéier, dat wat se an der Pai oder an der Rent oder an der Pensioun bäikréien op d'Spuerkeess an op d'Bank droen, an net an de Konsum droen, an domat eigentlech en onsolidarescht wirtschaftlecht Verhale fir de Moment zur Schau droen.

D'Mindestlounbezéier, well se eigentlech schlecht dru sinn a wäit dervun ewech si Konsumkrösussen ze sinn, bréngen déi Suen, déi se an hirer Pai bäikréien, an d'Geschäfter a bei d'Handwierk, an hunn domat eng automatesch wirtschaftsbeliewend Funktioun, wann och an engem bescheidenen Ausmooss. Jiddefalls kann eng Politik, déi doranner besteet, fir grad elo an ouni dass soss eppes geschitt, de Mindestloun net ze adaptéieren, net d'Politik sinn, mat där dës Regierung, ech selwer a mir alleguer niewebäi bemierkt, kënnten averstane sinn.

Et kënnt drop un, an Zäite vu konjunktureller Réckbildung, esouwuel wirtschaftlech Effizienz wéi och sozial Symetrie a sozial Sensibilitéit ënner Bewäis ze stellen. Eng Politik, déi nëmmen op wirtschaftlech Effizienz setzt an d'sozial Sensibilitéit op der Säit léisst, déi kënnt an eng total asymetresch Gesamtstëmmung eran, an déi een net däerf erakommen, wann een déi atmosphäresch gutt Basis wëllt halen, déi noutwendeg ass, fir dass op Grond vun enger breetgestrecktener Vertrauensgrondlag, Minimaloptimismus fir déi zukünfteg Gestaltung vun der Wirtschaftslandschaft ka viru bestoen.

Dat wat ech iwwert de Mindestloun soen, zielt och fir den Ajustement vun de Renten a vun de Pensiounen. Fir vill Rentner a Pensionéierter awer manner, déi dräi- oder véiermol méi hunn an hirer Paitut wéi d'Mindestlounbezéier. Mä den Ajustement vun de Renten a vun de Pensioune war versprach. E läit an der Logik vun der Entwécklung vun der Zäit, e läit an der Konsequenz vun de Wahlprogrammer vun alle politesche Parteien a vum Regierungsprogramm. Insofern kann dat net einfach eesäiteg, ouni dass soss doruechter eppes geschitt, zréckgeruff ginn.

Dofir kënnt et zum Ajustement vun de Renten a Pensiounen op den nächsten 1. Januar, an dofir gi mer net op de Wee, wéi eenzel Nopeschregierungen dat gemaach hunn, déi an deene leschte véier Joer heiansdo entweder d'Inflatiounsadaptatioun vum Rentenajustement net ginn hunn oder einfach d'Lounentwécklung net an de Rentenajustement abezunn hunn. Déi Politik wëlle mer net maachen, woubäi hei, ech hale mech domat iwwerhaapt net laang op, muss drop opmierksam gemaach ginn, dass et gutt an nëtzlech wier, wa jiddereen heibannen, am Liicht vun där agetruedener Entwécklung an am Liicht vun där previsibler Entwécklung fir déi nächst Joren, wou de Wirtschaftswuesstum däitlech manner héich wäert si wéi véier Prozent, sech et nach eng Kéier géif iwwerleeën, ob en d'Recht hat iwwert déi hierzefalen, déi an deene leschte Méint heiansdo gesot hunn, et wier net evident, dass de Wirtschaftswuesstum ëmmer géif iwwer véier Prozent bleiwen, an et wier net evident, dass d'Fro vun der Finanzéierung vun eiser Altersversécherung definitiv fir déi nächst 20 Joer gekläert wier.

D'Wierklechkeet geet heiansdo méi séier, wéi ee selwer mengt, jiddefalls méi séier, wéi déi, déi soen, déi Wierklechkeet do, déi géif et iwwerhaapt net ginn.

Wann ech soen, de soziale Mindestloun bleift a senger Erhéijungsperspektiv bestoen, Ajustement vu Renten a Pensioune gëtt gemaach esou wéi versprach, esou wéi geplangt, a wéi och budgetiséiert an deenen Deeler, wou dat budgetisabel a senger Noutwendegkeet ass, da soen ech och, dass mer am Géigesaz zu anere keng Aschnëtter am soziale Leeschtungsnetz wëlle maachen, well mer d'Noutwendegkeeten, fir dat ze maachen, net gesinn, a well mer d'pervers Effekter vun de Konsequenze vun esou Aschnëtter, géif ee se maachen, och kënne beim aktuelle Konjunkturstand relativ gutt ofschätzen an aschätzen.

Dofir kënnt et net - bal all déi aner Länner sinn amgaang dat ze maachen - zu enger Ofsenkung vum Versuergungsniveau vun deene Leit, déi keng Aarbecht hunn. Mir kënnen am Géigendeel eng Redynamiséierung vun enger souwisou aktiver Aarbechtsmaartpolitik maachen, déi net einfach akzeptéiert, dass déi éischt Konsequenz vun den Ëmschichtungsprozesser, bedéngt duerch de wirtschaftleche Réckgank, doranner besteet, dass d'Leit an hire Betriber entlooss ginn, a besonnesch dass déi eeler Arbeitnehmer vun hire Betriber entlooss ginn.

Ee Land, wat u sech selwer gleeft, Betriber, déi eng héich Meenung vu sech selwer hunn, déi suergen dofir, dass hiren éischte Reflex net deen ass vum Dégagement vum Personal, an déi suergen dofir, dass hir éischt Iddi net déi ass, déi Leit iwwer 50 Joer, déi souwisou an der Ekonomie riskéiere keng Plaz méi erëmzekréien, als éischt aus hire Betriber auszesortéieren, wann et an hire Betriber e bësse méi lues geet an

Dofir senke mir déi staatlech Leeschtunge fir déi Leit, déi keng Aarbecht hunn, fir déi Leit, déi eng Aarbecht sichen a fir déi Leit, déi an Ëmbildung an an Ausbildung sinn, net of, an dofir appeléiere mir un d'Betriber, déi Degagementseffekter einfachster Natur net zu hirem normalen Ëmgangsreflex mat der aktueller Situatioun kommen a verkommen ze loossen.

Et ass och net d'Absiicht vun der Regierung, net am ubruechte Sënn vum Wuert, fir d'Indexéierung vun de Léin a vun de Gehälter erofzesetzen, mä kloer ass, dass mir eis an der Tripartite mussen, op Grond vun deem feststellbare Réckgank vun der Produktivitéit an de Lëtzebuerger Betriber vun 2% am Joer 2002, a vun 3,1% am Joer 2001, iwwert d'Lounbildungselementer zu Lëtzebuerg an iwwert d'Aflëss, déi déi op d'Compétitivitéisverhältnisser tëschent eise Betriber an deenen aneren hunn, an op Grond vun den objektiven Zuelen a Materialelementer ënnerhalen.

Mä déi einfach Fuerderung, fir elo d'Indexéierung vun de Léin an de Gehälter auszesetzen, well dat géif zu enger wesentlecher Behiewung vun de Problemer a Beliewung vun der Wirtschaftslandschaft féieren, déi ass selbstverständlech net richteg.

All Etüde weisen - ech weess lo net firwat, dass déi Etüden a kenger Zeitung richteg sou mol spektakulär gewise ginn -, dass trotz der Indexéierung vun de Léin a Gehälter an de leschten 30 Joer zu Lëtzebuerg, déi duerchschnëttlech Weiderentwécklung vun de Léin net méi héich ass, wéi an deene Länner wou déi Lounentwécklung eleng duerch fräi Verhandlungen ënner Sozialpartner bedriwwe gëtt. Den Index ass wuel d'spiralgebend Element bei Inflatiounsbildungsparzellen, mä ass awer net een Element, wat d'lëtzebuergesch Économie percée, well déi aner dat net hunn, net kompetitiv oder manner kompetitiv gemaach hätt. Am Géigendeel, et ass ee Gerechtegkeetselement dran, well d'indexautomatesch Upassung fir all Beschäftegten hei am Land spillt, ob en an engem Betrib ass, dee kollektivvertraglech ofgedeckt ass oder net, während d'Lounzouwuesselementer am Ausland ganz oft nëmmen an den Tarifverträg, dat heescht an de flächegedeckte Mantelberäicher vum Vertragswiese spillen, an domat déi Beschäftegt, déi net ënnert engem Kollektivvertrag leien, eigentlech ee reale Réckgank vun hirer Akafskraaft hunn, während bei eis zumindest en Equiliber vun der Akafskraaft besteet vun deenen, déi net an an duerch Kollektivverträg ofgedeckte Groussbetriber schaffen.

Dat ass e Punkt deen, wann et ëm d'Konsumverhale geet an ëm Stéiereinnahmen, déi um Konsumverhalen leien, net grad onwesentlech ass, an deen iwweregens niewebäi bemierkt - mä ech wëll mech net doranner verlafen - erkläert, firwat dass déi bannenzecht Demande am däitsche Wirtschaftsraum sou schwach ass, well do déi kleng Leit real Kafkraaftverloschter hu missen hinhuelen. A wann déi däitsch Ekonomie, wat ee sech aus uerdungspolitesche Grënn net virstelle kann, eng automatesch Indexatioun vun de Léin an de Gehälter hätt, wier dee perversen Ofsenkungseffekt vun der Konsumkraaft bei den Akommesschwaachen natierlech net entstanen, an dofir ass en, well mir dat hunn, zu Lëtzebuerg net an Erscheinung getrueden.

Et muss een heiansdo, well lo erëm esou eng Stëmmung opkënnt, wou gesot gëtt, elo probéiere mer emol erëm eng Kéier, fir déi Indexautomatik auszehielegen, och op déi makro- a mikroekonomesch, a makro- a mikrosozial Deelkonsequenze vun Indexéierung oder Netindexéierung vun de Léin a Gehälter hiweisen.

Einfach Äntwerte sinn och déi, déi soen, d'lëtzebuergesch Ekonomie wiisst méi lues, well d'Ëmweltoplagen ze streng sinn. Et ass eng falsch Ausso. Ech wëll där energesch hei entgéinttrieden. D'Wirtschaftswuesstem beschleunegt een net doduerch, dass een Ëmweltoplage lockert. Dat ass an alle Fäll, nieft der Netnohaltegkeet vun där Politik, eng Politik déi mat de Liewensbedingunge vun de Leit, net nëmme vun deene Schaffenden, net an Aklang ze bréngen ass.

Dass een, wéi de Wirtschaftsminister zu Recht seet, am Beräich vun der Prozedurbeschleunigung mol Ähnleches ka maachen, fir dass et méi séier zu Décisioune kënnt, och zu duerchféierbaren Décisiounen, ass eng Saach, déi ech ausdrécklech ënnerstëtzen, mä d'Impressioun ze ginn, wéi dat heiansdo geschitt, net nëmmen am Lager vum Patronat mä och am Lager vun de sou genannte fortschrëttleche Sozialkräften, dass d'Ëmweltoplagen selwer Schold dru wieren, dass et zu enger Verlangsamung vu wirtschaftlechen Adaptatiouns- an Erweiderungsprozesser kënnt, schéngt mir jiddefalls eng Theorie ze sinn, déi ee fir d'éischt muss beweisen, ier ee se ka behaapten, an déi, souguer wann ee se géif beweisen, net richteg ass, well da misst een eppes änneren, fir dass se net richteg kënne ginn.

Ech hu gesot d'Steieren an deem Beräich déi géife mir net an d'Luucht setzen, well déi Konjunkturspretz eng gëfteg wier, déi mir domat géife ginn. Ech muss allerdéngs dobäi soen, fir dass doriwwer keen Zweifel besteet an och keng falsch Hoffnungen opkommen, dass de Finanzminister nodrécklech der Meenung ass, dass et zu enger weiderer Ofsenkung vun de Steieren an dëser Legislaturperiod net ka kommen. Dat heescht och, dass fir d'Joer 2004 d'Steierbarèmen net un d'Inflatioun, déi et an deene leschte Jore ginn huet, ugepasst kënne ginn. Dat ass fir de Moment net machbar. Ech mengen och net, dass räsonnabelerweis een dat de Moment géif vum Steierminister verlaangen.

Richteg ass och, dass mir, wéinst där agetruedener Situatioun, mussen Ofstand huele vun der Absiicht, déi een hätt kënnen hunn, milliardeschwéier nei Ausgaben ze budgetiséiere fir déi nächst Joren. Et ass ganz evident, dass et zu enger globaler Gehälterevisioun an der öffentlecher Funktioun an dëser Legislaturperiod net ka kommen. Déi Politik wier, ees wéi ees, schwiereg ze gestalten, kaum ze bewerkstellegen a vun enger enormer technescher Komplexitéit, mä dat hätt een nach hikritt, mä d'Finanzsituatioun insgesamt vum Stat ass esou, dass d'Gehälterrevisioun an dëser Legislaturperiod jiddefalls net ka gemaach ginn.

Ech ënnersichen mol net, ob ee se hätt kënne maachen, wann et net zu dëser Verengung vun der Situatioun komm wier, mä ech soen, mat der aktueller Finanz situatioun vum Stat ass jiddefalls ausgeschloss, dass déi Gehälterrevisioun kënnt. Wann ee gären hätt, dass se awer kënnt, sinn ech zu jidder Zäit bereet, Motiounen an deem Sënn direkt ofzelehnen.

Et kann och net sinn, dass mir eis aus eisen internationale Verflichtungen, déi mir an deene leschte Joren agaange sinn, lues a lues

erausdrécken. Dat ass eng einfach Politik, déi heiheem net vill Courage kascht, mä déi dobaussen, wat den Image vum Land an d'Zouverléissegkeet vum Land ubelaangt, grousse Schued mécht. Mir hu bei der Entwécklungshëllef et net gemaach, wéi vill aner Regierungen, déi op Grond vu finanzielle Réckganksëntwécklungen an deene leschte Joren, hir Entwécklungshëllef prozentual ofgesenkt hunn. Bal all Länner vun der Europäescher Unioun hunn an deene leschte Joren Ofstand geholl vun hirem Progressiounsrhythmus, wat de prozentuale PIB-Undeel un der Entwécklungshëllef ubelaangt. Mir si bewosst bei enger entwécklungspolitescher Zilvirstellung vun 0,84%, dat heescht also vu méi wéi an deene leschte Joren, am Joer 2003 un öffentlecher Entwécklungshëllef bliwwen. Mir sëtze se domat, trotz dem Réckgank vun den öffentlechen Einnahmequellen par rapport zum Joer 2002 nach eng Kéier an d'Luucht, wann och net esou vill, wéi se normalerweis hätt kënnen an d'Luucht gesat ginn, wann d'PIB-Entwécklung effektiv eng wär, déi méi wéi 1 bis 2 Prozent wier, wat wahrscheinlech d'Resultat vum Joer 2003 wëllt sinn.

Mir halen och fest un deenen Engagementer, déi mir an der Westlecher Allianz agaange sinn. D'lëtzebuergesch Regierung huet sech verflicht um NATO-Sommet zu Washington am Abrëll 1999 sech un der Bereetstellung vun enger méi effizient gestallter Transportcapacitéit vun der Atlantescher Allianz ze bedeelegen. Mir hu bei all Konflikt an der Vergaangenheet festgestallt, dass déi Transportcapacitéit eben net zefriddestellend wier. Un deem Programm wëlle mir festhalen, an déi Engagementer, déi mir do geholl hunn, déi wëlle mir och respektéieren. Onofhängeg dovun, dass een net ganz vill am Budget 2003 géif wannen, wann ee géif Ofstand huele vun deenen Engagementer, ass d'Tatsaach, dass och dee klengsten Alliéierten an der NATO, dee mat 0,8% PIB-Undeel vun de Verteidigungsausgaben, deen ass mat deem klengste verteidegungspoliteschen Effort, muss an der transatlantescher Solidaritéit bleiwen, déi absolut noutwendeg ass, an déi och nom 11. September hei an de Riede vun alle Fraktioune beschwuer ginn ass, wéi hei un dat geduecht ginn ass, wat den 11. September geschitt ass. Da geet et net, dass een am éischte Moment, wou Aknackungselementer iwwert d'Landschafte feegen, Ofstand hëlt vun deem, wouzou ee sech an internationale Gremien, op eng multipelrepétéiert Aart a Weis engagéiert huet.

D'Diversifizéierungspolitik an der Wirtschaft bleift natierlech een Imperativ vum Moment. Éischtens ass vill diversifizéiert ginn an deene leschten 25 Joer. Zweetens ass och vill diversifizéiert ginn an deene leschten dräi Joer. Ech wëll mech hei wiere géint déi pauschal Kritik, déi net beluegt gëtt, géint d'Aktivitéite vum Wirtschaftsminister, vun deem, deen esou beschriwwe gëtt de Moment, wéi wann deen op senger fauler Haut géif leien an déi Diversifizéierungspolitik net géif richteg bedreiwen. Dat ass net de Fall. Onofhängeg dovun, dass ech Zeie si vu sengen Efforten op ville Plazen, am Ausland an heiheem, fir nei Aktivitéiten op Lëtzebuerg ze bréngen oder Erweiterungsinvestitiounen sech zu Lëtzebuerg ofspillen ze loossen, däerf een net a Vergiessenheet gerode loossen, dass mer nach net virun allze vill laanger Zäit heibanne jo eng komplett aner Diskussioun haten, wou d'Nischebeschmotzer jo hei net méi ze bremse waren a jiddferengem hei bannen erkläert hunn, esou kënnt dat net virugoe mat der Diversifizéierungspolitik.

Deemools hu mer scho gesot, dass de Wirtschaftsminister, dësen, net dee virdrun, net méi all Betrib op Lëtzebuerg wëllt huelen, deen op Lëtzebuerg wëllt kommen, aus deene Grënn, déi mer op verschiddenst Aart a Weise schonn duergestallt hunn. Dann däerf een déi Politik haut net kritiséieren. Ausserdem sinn an deene leschten dräi Joer erhieflech Investitiounen, notamment Erweiterungsinvestitiounen zu Lëtzebuerg gemaach ginn.

A fir ze soen: „Dat sinn Investitiounen a Betriber, déi schonn zu Lëtzebuerg waren, an dofir keng nei Aktivitéiten", léisst natierlech e Grad vun Duerchbléck am Wirtschaftsgeschéien erkennen, dee relativ no bei dem niddregen Usaz vun dem Gras an iergendenger Wiss ass, well et brauch ee ganz vill Ustrengung, fir een ze iwwerzeegen zu Lëtzebuerg ze investéieren an deem Betrib, deen hien huet, wann hien och an Däitschland, an Irland, a Spuenien, a Portugal, an Ungarn an a Slowenien Betriber huet. Dat heescht, fir ze maachen, wéi wann dat keng Diversifizéierungspolitik wier, just well Betriber géifen ausgebaut ginn, déi hei sinn, dat ass natierlech eng Kritik, déi ech absolument net esou wëll stoe loossen.

Pour le reste geet déi Diversifizéierungspolitik virun um Niveau vum Wirtschaftsminister, wéi um Niveau vum Finanzminister, well mer séier beméit sinn, opgrond vun deene steierlech gënschtege Kaderbedingungen, déi mer hei opgeriicht hunn an deene leschte Joren, nei Aktivitéiten, notamment am Beräich vum e-Commerce, op Lëtzebuerg unzezéien, déi sech net wäerten iwwersetze mat honnerten an dausenden neien Aarbechtsplazen, mä déi sech awer wäerten iwwersetze mat Steiererträg, déi duerchaus am Fall vun eenzele Betriber bis zu 0,5% pro Betrib vum Bruttoinlandprodukt erureechen.

Mat deene Gespréicher sinn ech amgaang, an déi Gespréicher kann ech eréischt an hirer Ergebnisbildung mellen, wa se ofgeschloss sinn, well et hätten och anerer gären an Europa déi Betriber. Fir se ze kréien, muss ee sech heiansdo déplacéieren a sech vernenne loossen, dass een heiansdo net op deene Plazen ass, wou anerer mengen, dass een dee Moment eigentlech misst sinn.

Déi Diversifizéierungspolitik muss natierlech och bei der Finanzplaz virugoen. Do ass enorm vill geschitt an deene leschten zéng Joer. D'Instrumenter si verfeinert ginn, d'Produktpalette ass méi breet gemaach ginn, de Finanzsecteur ass net méi esou ufälleg fir de Börsereckgang, wéi en et nach gewiescht wier, virun 10 oder 15 Joer. Verheerend wier den Effekt gewiescht vun deenen ekonomesche Missbildungen, déi mer an deene leschte Méint a Joren haten, wann d'Finanzplaz sech nach an deem Zoustand befonnt hätt, an deem se viru 15 a virun 20 Joer war. Duerch d'Verbreedung vun der Produktpalette, duerch d'Intensivéierung vun den Angebotsstréng op der Finanzplaz, ass déi Finanzplaz an hirer Resistenzfäegkeet géint d'Börsereckgäng wesentlech méi staark ginn, wéi se dat virdru war.

Déi Politik muss virugefouert ginn, wat erkläert, wann och net eleng, firwat dass d'Regierung sech de Moment beméit an de Verhandlunge ronderëm d'europäesch Kapitalertragsbesteieung, an d'Ofschafen oder d'net Ofschafe vum Bankgeheimnis, déi Positiounen ze entwéckelen, déi se amgaang ass ze entwéckelen, wat kee ganz einfachen an agréabelen Zäitverdreif ass. Dat ass méi liicht hei an der Chamber wéi do, wou et wierklech stattfënnt, woubäi ech dankbar si fir all ënnerstëtzend an ofstëtzend, och öffentlech Wuertmeldungen, déi an deem Beräich an deene leschten Deeg komm sinn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Et dierf ee kee Geck domadder maachen. Dat ass net fir lech gemengt, mä fir anerer.

Une voix.- Da loosst de Premier dach schwätzen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech ënnerbriechen de Premier net. Dat war fir Leit vun lech gemengt, wat ech elo gesot hunn, net fir lech.

***(Interruptions)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Här Krecké, wann Dir d'Kolleege vun der CSV nëmmen doduerch kënnt kritiséieren, dass der mech ënnerbriecht, da maacht et wann ech glift net.

***(Hilarité)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Et deet awer gutt.

***(Interruption et hilarité)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Den Här Rippinger gëtt jo ëmmer nervös, Här Krecké, wann ech frëndlech mat lech sinn.

***(Hilarité)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Et ass déi lescht Zäit awer ëmmer manner oft de Fall, dass Dir frëndlech mat mir sidd.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Ech hu fonnt a leschter Zäit waart Dir esou onfrëndlech mat mir, Här Krecké, an Ären Noper, déi zwee, deen een an deen aneren, dass ech lech muss soen, dass et gutt wier, ier Der d'Rieden halt zum Budget fir d'Joer 2003, alles nozeliesen, wat een an deene leschte Jore gesot huet, well wann Der mengt, dass nodeem Der festgestallt hutt, wat mech e bëssen iwwerrascht huet, déi Hären Juncker a Frieden wären inkompetent, well se d'Weltwirtschaft net zesummebrieche gesinn an deem Mooss, wéi dat geschitt ass, woumat mer eis a gudder Gesellschaft mam Här Brown, dem englesche Finanzminister, mam amerikanesche Finanzminister, mam däitsche Finanzminister a mat deene respektive successive franséische Finanzministere befannen. Insofern kann ech de Virworf vun Inkompetenz relativ ökumenesch gedeelt gutt droen.

Liest dat no, wat Der d'lescht Joer gesot hutt, notamment iwwert d'Aschätzung vun de Steiere fir d'Joer 2003. Da stidd Der esou blouss do, dass Der aner Leit net méi wëllt plakeg do stoe gesinn. Mä dat ass awer elo nëmmen als Remarque.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dat wär awer nach net dat schéinste Bild.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Also Här Krecké, ech fannen, dass d'Chamber keng politesch Peepshow ass.

***(Hilarité)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir hutt domat ugefaangen, net ech. Dir schwätzt vu mir als plakeg hei.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Ech hu vun deem entkleeten Zoustand, vun deem ech schwätzen, net ugefaang ze schwätzen. Ech hu just den Här Bodry, wat mech gewonnert huet, héiere mech als an engem solche mech befannend beschreiwen. An da wëll ech soen, wann een esou blouss do steet wéi anerer, schwätzt een net iwwert deenen aneren hir Plakeg-

keet, well dat gläicht sech ganz staark. Dofir Rieden noliesen, ier ee schwätzt. Dat hat ech, entgéint menge Gewunnechten, fir haut nämlech och gemaach.

Ech wollt soen, dass mer bei der Finanzplaz déi Politik vun Diversifizéierung viruféieren, déi Politik vun oniwwerluegter Réckbildung vun Deelaspekter vum Bankegeschäft net kënnen an deem Rhythmus zouloossen, wéi anerer eis dat wëllen de Moment zu Bréissel imposéieren. Dat ass keng liicht Verhandlung, mä déi Verhandlunge féiere mer natierlech mat Détermination. Ech soen nach eng Kéier, dass ech frou sinn iwwer all Ënnerstëtzung, déi an deem Zesummenhang geäussert gëtt.

Wat mer net maachen, a wat gelungenerweis dëser Regierung ënnerstallt gëtt, dat ass, dass mer quietschfidel, kannerkëssend, päifend an déi nächst Wahle ginn an där nächster Regierung, wa se am Amt ass a se hire Kassensturz mécht - dat ass jo déi nei Moud an Europa -, géifen eidel Keesen hannerloossen. Wa mer feststellen, dass déi konjunkturell Réckbildung virugeet, wa mer feststellen, dass déi haushaltspolitesch Verengung undauert, da ginn am Laf vum Joer 2003 déi Moossname virbereet, déi een zur Neeshierstellung vun enger adequater Finanzsituatioun fir d'Joer 2004 brauch, an aller Clartéit an an aller Offenheet. Mir ginn net mat engem Budget an d'Wahlen, dës Koalitioun net, dee falsch wier, deen op falsche Grondlage géif berouen an deen der nächster Regierung géif eidel Keesen hannerloossen.

Virun de Wahle gëtt gesot, wat no de Wahlen an der Keess ass. Léiwer verléieren ech d'Wahle knapp, well een iwwert d'Statsfinanzen d'Wourecht virun de Wahle gesot huet, wéi dass een d'Wahle knapp gewënnt, well een iwwert d'Statsfinanze gelunn huet, well dann ass ee véier Joer laang gehäit. An deem anere Fall ass een nëmmen dräi Deeg gehäit.

***(Hilarité)***

Vu dass ech liddreg sinn, sinn ech der Meenung, dass ee besser huet, dat esou ze maachen. Wann Der net richteg wësst vu wat, dass ech schwätzen,...

Une voix.- Dach, dach, vu Bayern.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- ...da kuckt d'Tagesschau den Owend, da verstitt Der, wéi schlecht, dass et deene geet, déi eréischt no de Wahle mierken, firwat dass se esou roueg am Wahlkampf waren. Si ware roueg am Wahlkampf, well et an de Statskeesen net méi gerabbelt huet, mä si hate vergiess, deenen anere Leit dat ze soen. Dat wëlle mer zu Lëtzebuerg net maachen. D'Leit solle virun de Wahlen wëssen, wat no de Wahlen....

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Wëllt Dir net Kanzler an Däitschland ginn?

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Här Bodry, ech hunn lech am Liewe scho vill Wënsch erfëllt, besonnesch als Finanz- a Budgetsminister, besonnesch där, déi deier gi sinn, mä deen dote kann ech lech leider net erfëllen.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Och mat der double nationalité, Här Juncker?

***(Hilarité)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Här Asselborn, ech hunn lech am Verdacht Dir wäert nëmme fir déi duebel Nationalitéit, fir dass Der mech kënnt an enger auslännescher Regierung ënnerdaach bréngen. Dat wäert lech net gelëngen.

***(Hilarité)***

Wat ech soe wëll, an dat prinzipiell bei aller Besuergnis iwwert déi wirtschaftlech Situatioun an där mer sinn, a bei aller Ängschtlechkeet och iwwer vläicht net déi total Maîtrise vun de finanzielle Konsequenze vun där Situatioun, an déi mer agetruede sinn, dat ass, dass ech wierklech gleewen, well och keen eppes anescht seet, dass et an der zweeter Halschent vum Joer 2003 zu enger Reprise kënnt, déi haushaltswierksam am Joer 2004 gëtt.

Mir hunn et fäerdeg bruecht zu Lëtzebuerg roueg kënnen ze reagéieren, well mer net brauchen iwwerzereagéieren, well mer gutt virbereet sinn. Mir hu Reserven op der Einnahmesäit, besteiert Gewënner vun de Banken, déi do leien, an déi an d'Statskeesen afléisse kënnen. Mir hunn en héijen Niveau vu Reserven op der Ausgabesäit, mat deenen d'Investissementer vun deenen nächste Jore kënne bedéngt ginn. Mir hunn déi niddregste Statsschold an Europa, eng Nettostatsschold vun 1,4%. Mir gehéieren zu deene Länner mat där niddregster Inflatioun an der Europäescher Unioun. Dofir ass et mer eigentlech net Angscht, besonnesch wann ech dat retransposéieren an de Gesamtkontext, esou wéi en amgaang ass sech ze entwéckelen.

Dobäi ass wichteg, dass d'Europäesch Zentralbank haut de Mëtteg, véirel vir zwou, eng Ofsenkung vun den Zënsen décidéiert huet an der Héicht vu 50 Basispunkten, wat e substanziellen Zënsschrëtt ass, vun deem ech mengen, dass en, mat e puer Méint op den eigentleche Konjunkturverlaf, verspéit vun der Europäescher Zentralbank ergraff gëtt. Dat gëtt dem europäesche Wuesstum nei Muskelkraaft. Dat ass Munitioun fir d'Boursen, déi hir Buedemdeckung endgülteg erreecht hunn, well eleng schonn an deene leschte Méint, vum Oktober un, ass d'Bourse an de Vereenegte State vun Amerika an hirer Wäerthaltegkeet ëm 20% geklomm. Deen Zënsschrëtt vun haut, a Kombinatioun mat anere strukturpoliteschen Elementer, déi an der europäescher Eurozon décidéiert gi sinn, an nach wäerte ginn, wa mer eis op dem Wee vun der Reprise befannen. Dofir muss een d'europäesch Zentralbank selbstverständlech zu deem Schrëtt félicitéieren, dee besonnesch wichteg ass fir eis Finanzplaz, well dat eben ee Schrëtt ass, dee Munitioun fir d'Boursen ass. Vu dass besonnesch d'konjunktursensibel Einnahmequellen de Moment eng Tendenz no ënnen accuséieren, kann et am Laf vum Joer 2003-2004 och zu enger frëschgestéckelter Reprise, engem nees Opriichte vun deenen akommespolitesche Kategorien am Statsbudget kommen.

Mir hunn ëmmer gesot: Firwat ass dat eigentlech ni richteg gegleeft ginn, dass een, wann ee Sue méi erakritt, wéi een erwaart huet, dat net op schlecht Absichten zréckzefeieren ass, mä op méi eng gënschteg Entwécklung wéi déi, déi een ugeholl huet? Fréier, wa Milliarde méi erakomm sinn, notamment bei der konjunktursensibler Abonnementstax, ass mer heibanne gesot ginn, de Finanzminister hätt bewosst eng Ënnerschätzung ginn. An elo gëtt mer gesot, en hätt bewosst iwwerschat.

D'Tatsaach ass, dass keen op de Millimeter genau weess, wéi déi Steieraggregater do fonctionnéieren, well se essentiell weltkonjunkturofhängeg sinn an dofir ëmmer zu Onrecht - dat hunn ech honnerte mol heibanne gesot - ugefouert gi sinn, wann heibannen de Beweis sollt ugetratt ginn, d'Leit géife vum Lëtzebuerger Finanzminister d'Suen aus der Täsch gezu kréien, wa mer 20 oder 10 Milliarden Excédenten am Statsbudget stoen haten. Dann hu mer ëmmer gesot, dat sinn net d'Sue vun de

Leit, dat sinn d'Suen déi iwwert d'Taxe d'abonnement an iwwert den Droit d'enregistrement erakomm sinn.

Vun der Kanalstrooss bis an de siwenten Himmel ass geschriwwe ginn, de Juncker géif de Leit d'Suen aus der Täsch zéien, géif de Leit d'Suen net erëmginn. Elo si se net méi do, an, Gott sei Dank, hu mer déi Suen net einfach ausginn. A, Gott sei Dank, hu mer mat deene Sue net oniwwerluegte Steierreformen zum onméiglechsten Zäitpunkt finanzéiert, mä déi Sue gehortet, fir dass mer Reservebildungselementer genuch hätten, fir an deem Moment, wou wirtschaftlech a finanzpolitesch Engpäss géifen antrieden, d'Finanzéierung vum Statsbudget a vun den essentielle Statsaufgabe kënnte sécherzestellen.

Mir hunn dacks gesot, déi Reserve bei der Kierperschaftssteier, déi mer do leien hunn, an dat ass kee Maquillage, wéi gëschter gesot ginn ass, well dee kann een net iessen, mä een Apel fir den Duuscht kann een ëmmer iessen, an dat do ass een Apel fir den Duuscht, fir deen Duuscht, dee mer am Joer 2002, am Joer 2003, an am Joer 2004 hunn, déi Reserven,…

***(Interruption)***

…déi mer hunn, déi kënne mer elo abréngen, fir datt mer déi fir d'wirtschaftlech Diversifizéierung a fir d'Verbesserung vum infrastrukturellen Netz noutwendeg Investissementer an öffentlecher Hand kënnen an deenen nächste Jore finanzéieren. Aplaz, wéi alleguer déi aner, eis Haushaltskonsolidéirung ëm d'öffentlech Investissementer mussen no ënnen ze korrigéieren, kënne mir eis öffentlech Investissementer an d'Luucht setzen, an domadder eis dee Virsprong elo verschafen, an Zäite vu konjunktureller Réckbildung, dee mer brauchen, fir d'Nues vir ze hunn, wann d'europäesch Ekonomie an d'Weltekonomie erëm usprangen.

An dofir, Dir Dammen an Dir Hären, ass et mir och net Angscht. Ech wëll hei keng Ried halen, fir ze beschéinegen. Firwat soll ech dat maachen? Et ass méi liicht ze regéieren, wann et schlecht geet, wéi fir ze regéieren, wann et gutt geet. Et ass da schwéier ze regéieren, well jiddfereen engem dauernd ka soen, mir hätte gären a gëff eis. Et ass liicht ze regéieren, wann een de Leit kann erklären, mir hunn et net an dofir kënne mir Iech et net ginn. Dat ass méi schwéier ze maachen, dat kascht méi Ustrengung, dat kascht méi Energie, dat kascht méi Gehierschmalz, dat kascht och méi Gefill, mä et ass méi einfach. Et ka keen eppes vun engem verlaangen, wann een dat, wat een dofir brauch, net huet.

Nee soen ass schwéier, wann een et huet, a wann een de Leit muss erklären, mir kënnen Iech dat net ginn, well mir brauchen dat enges Daags an deen Dag kënnt eng Kéier. Et ass liicht ze soen, Dir kënnt mech froen, wat Der wëllt, ech hunn näischt an ech kann Iech näischt ginn. Dofir d'politesch Schwieregkeete vum Handwierk hier, si méi schwéier, wann een näischt huet, well da muss een anescht tässelen, mä politesch ass et méi einfach fir Nee ze soen, wann engem soss näischt iwwreg bleift, wéi Nee ze soen, well dat versteet all Mënsch. Wann een elo alles huet a jiddferee seet, Dir schwammt am Geld, gitt eis, kommt hei, an da muss ee soen nee, da soe se et ass ee schlechte Mënsch, dee wëllt eis näischt ginn: „Juncker hält unser Geld für sich!" Kanalstrooss.

***(Hilarité et interruptions)***

Elo ass et net méi do an et ass also vill méi einfach. Mä et ass eng gewalteg Ustrengung, fir dat alles am Lot ze behalen a fir dat alles erëm propper op d'Bunnen ze kréien. Mir bréngen dat awer fäerdeg. A wann ech soen, mir bréngen dat fäerdeg, da mengen ech domat net den Här Frieden an ech, oder den Här Grethen, da mengen ech domat net d'Regierung, da mengen ech domat net d'Koalitioun, da mengen ech domat net dëst Haus, da mengen ech dëst Land, well ech der Meenung sinn, dass, wann et drop ukënnt, da bréngen mer et fäerdeg.

D'Leit verstinn, mir hunn eis een Apel fir den Duuscht ugeluegt, elo hu mer Duuscht, elo bäisse mer an den Apel. Anerer bäissen an d'Gras am Ausland, well se keen Apel hunn. Mir bäissen an den Apel, well mer eppes fir den Duuscht ugeluegt hunn. Wann et spatz gëtt hei am Land, wann d'Loft méi reng gëtt, wann d'Loft méi rau gëtt, hunn d'Lëtzebuerger an déi Leit, déi hei am Land wunnen, et ëmmer nach fäerdeg bruecht, well se verstinn, dass een net all Wonsch kann erfëllen, sech esou zesummen ze huelen, dass mer an enger gemeinsamer Kraaftustrengung iwwert déi Schwieregkeeten erauskommen.

Wann een et packe kann an Europa, dann awer sécher Lëtzebuerg, dat Land mat deenen héchste Reserven, wat seng öffentlech Ausgabeprogrammer ubelaangt; dat Land mat deenen héchste Reserven, wat seng nach net getätegt Einnahmenofschlëssinstrumenter ubelaangt; dat Land mat där niddregster Statsschold; dat Land, leschten Enns och, mat deem gréisste Wëlle sech net ënnerkréien ze loossen, insofern wa mer eis packen, jiddferee bei sech an och allerguer zesummen, wa mer méi schaffe statt manner ze schaffen, wa mer méi bedächteg si bei der Formuléierung vun eise Propositiounen a méi konsequent si bei der Ausriichtung vun eisen öffentlechen Ausgaben, wa mer un eis selwer gleewen an trei an eise Virsätz bleiwen eist dozou bäizedroen, dass aus där Europäescher Unioun, esou wéi se ass an esou wéi se wiisst, een definitiven an durabele Succès gëtt, da musse mer eis gewalteg ustrengen, dacks Nee soen, mä leschten Enns maache mer dann dat richtegt fir eist Land.

Ech soen Iech merci!

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Statsminister a mir héieren elo den Exposé vum Här Budgetsminister Luc Frieden iwwert de Statshaushalt vum Joer 2003. Den Här Budgetsminister Luc Frieden huet d'Wuert.

***Exposé de M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget***

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëschter huet de Kolleeg Emile Calmes am Numm vun der Finanz- a Budgetskommissioun de Budgetsrapport zu dësem Projet de loi gemaach, dat wat allgemeng genannt gëtt dat wichtegst Gesetz vum Joer, ganz einfach well et d'Grondlag ass vu ganz ville Politikberäicher. En huet also e parlamentarescht Bild vun eiser Aarbecht gemoolt.

Ech war mat villes vun deem, wat e gesot huet, d'accord an ech wollt him an de Kolleegen aus der Finanzkommissioun ënnert hirem President Lucien Weiler villmools merci soen, fir déi intensiv Aarbecht, déi se gemaach hunn. Als fréiere Budgetsrapporteur weess ech, wat fir eng Aarbecht dat ass, a mir wäerten déi Analys, déi do gemaach ginn ass, déi Commentairen an déi Suggestioune mathuele fir zukünfteg Budgeten.

De Mëtteg huet de Stats- a Finanzminister e Bild gemoolt vum Kader an deem mer dëse Budget 2003 gesat hunn. En huet d'wirtschaftlech Situatioun beschriwwen. En huet e Rappel gemaach vu verschiddene politeschen Aussoen aus der Vergaangenheet, déi nëtzlech sinn, fir déi puer zousätzlech Commentairen zur Budgetspolitik an zum Budget 2003, déi ech um Uschloss un déi Erklärung vum Statsminister nach wollt maachen.

Wann een nämlech de Budget 2003 kuckt an deem Liicht, dat de Statsminister beschriwwen huet, vun dem wirtschaftlechen Ëmfeld, dat keen einfacht ass, da gesäit een am Fong dräi grouss Saachen.

1. Mir hunn et hei mat engem Budget ze dinn, deen e Budget ass vun de gesonde Statsfinanzen.

2. Et ass awer och e Budget fir Wuesstum an Aarbechtsplazen an et ass

3. e Budget vun der Solidaritéit a vun de staatleche Grondaufgaben.

Ech géing gäre kuerz e puer Wuert zu deenen dräi fundamentale Prinzipië vun deem Budget 2003 soen.

Fir d'éischt zu de gesonde Statsfinanzen. Ech mengen, éierlech gesot, datt et e Budget ass vum responsablen Ëmgoe mat de Statssuen. E Budget ze presentéieren an dësem Ëmfeld, dee 6,3 Milliarde Recetten a 6,3 Milliarden Dépensen huet, deen dobäi eng Croissance vu 5,6% Recetten-Dépensen opzeweisen huet an deen am Equiliber ass, ass d'Resultat vu villen, laangen, responsable Gespréicher, déi mer mat alle Kolleegen an der Regierung haten. Net alles war méiglech, mä d'Endzil vun der Regierung war, fir e Budget am Equiliber virzestellen.

Ech hunn emol nogekuckt, wat den europäesche Conseil vun de Finanzministeren am Ufank vun dësem Joer iwwert d'Statsfinanzen zu Lëtzebuerg geschriwwen huet. De Conseil huet geschriwwen, wéi en de Stabilitéitsprogramm vu Lëtzebuerg gekuckt huet: „Les finances publiques luxembourgeoises sont extrêmement saines". Wann en dat am Ufank vum Joer 2002 geschriwwen huet, da soen ech Iech, dat ass och nach elo richteg, well eng Situatioun vu Statsfinanze kann een net an enger Momentopnam kucken, mä et muss ee se iwwer eng länger Period kucken, an dofir ass dee Saz, deen net vun eis kënnt, mä vum europäesche ECOFIN-Conseil, nach ëmmer richteg.

A wann een dann d'Elementer dovunner kuckt, da gesäit een och, firwat dat esou ass. Kuckt eis Statsschold. De Statsminister ass kuerz drop agaangen. En huet just den Taux vun der Nettoschold genannt. Mä wann Der kuckt, datt mir eng Schold hunn, déi fir de Moment eppes 690 Milliounen Euro ass, a wann een awer zugläich weess, datt vun deene 690 Milliounen Euro, mer 404 Milliounen Euro am Fonds de la dette publique stoen hunn, dat heescht also, méi wéi d'Halschent hu mer op der Säit, ouni datt mer vill doriwwer geschwat hunn, fir déi Schold zréckzebezuelen, wann d'Echéance vun deenen Obligatiounen ass, da gesäit een, datt mer eng extrem kleng Statsschold hunn. De Statsminister huet gesot, datt et netto 1,4% sinn. Dat erkläert, firwat ee kann, wann et noutwendeg ass, Infrastrukturprojeten, déi iwwer eng länger Zäit musse bezuelt ginn, iwwert d'Statsschold bezuelen. Dat huet Äre Budgetsrraporteur gëschter hei suggéréiert, och a sengem schrëftleche Rapport. Mir maachen dat elo net, mä mir kënnen et à tout moment maachen, wann et noutwendeg ass, well mer virgesinn hunn.

Eis Bruttoschold, ouni de Fonds de la dette, beleeft sech pro Awunner op ronn 1.500 Euro. Dat ass bei wäitem déi niddregst Bruttoschold pro Awunner an der ganzer Europäescher Unioun.

Datselwecht gëllt fir d'Reserven. Mir hu Reserve gemaach an deene leschte Joren, an dat ass eng gewollte Politik gewiescht, fir déi Reserven ze maachen. Et wier méi einfach gewiescht, wann ee vill Suen erakritt zu engem gewëssene Moment duerch d'Konjunktur, duerch d'Evolutioun vun de Boursen, fir déi Suen dee Moment auszeginn, mä mir hunn dat net gemaach. Mir hunn, besonnesch an deene Jore wou vill erakomm ass, eis Reserven opgestockt, Reserven an deenen eenzelnen Investitiounsfongen, fir d'Infrastrukturen ze bezuelen, Reserven och, déi nach net affektéiert sinn.

Ech huelen zum Beispill d'Joer 1999. Do hate mer 1,7 Milliarden Euro Reserven, Avoire vun de Fongen a Budgetsreserven. Dat sinn also ronn 70 Milliarde Lëtzebuerger Frang.

Haut, dräi Joer duerno, hu mer eng eng total Reserv vun iwwer dräi Milliarden. Mir hunn also substantiell vun 1,7 Milliarden op iwwer dräi Milliarden Euro méi Reserven haut, well mer an deene Joren 2000, 2001, wou vill Plus-valuë waren, gesot hunn, elo leeë mer déi an d'Fongen a mir gi se net direkt aus.

Et ass also net, datt dat nëmme Reserve sinn, déi vum Zweete Weltkrich un do geleeën hätten, wéi ech iergendwou héieren hunn, a vun deene mir elo géinge profitéieren. Neen, dat si Sue vun deene leschte Joren, wou ech mat Détermination dofir gesuergt hunn, datt déi Sue géingen op d'Säit geluegt ginn, fir datt mer déi Infrastrukturen, déi mer décidéiert hunn, déi Är Chamber décidéiert huet, och kënne bezuelen, well déi bezillt een net an engem Moment, mä iwwer e puer Joer.

Datselwecht gëllt fir d'Budgetsreserv. Vun deenen 3,2 Milliarde sinn der eppes 2,7 an de Fongen a 500 Milliounen, eng hallef Milliard also, sinn an der Budgetsreserv. Iwwert d'Budgetsreserv ass jo vill an deene leschte Woche geschwat ginn. D'Budgetsreserv ass de kumuléierte Solde vun de Budgetsiwwerschëss no Affektatioun vun de Plus-valuen. Déi gëtt also am Compte général festgeluegt. Déi kann een nëmmen eemol d'Joer déterminéieren, nämlech nodeem ee gekuckt huet, wat ass de Solde vum Budget, nodeem een d'Suen, eventuell d'Plus-valuen an d'Fonge ginn huet, an deen ass den 1. Januar vun dësem lafende Joer 505 Milliounen Euro gewiescht. Dee gëtt am nächste Compte général erëm eng Kéier festgeluegt.

Wat während dem Joer geschitt, dat ass d'Trésorerie, déi ännert all Dag, mä et gëtt nëmmen eng Définitioun vun der Budgetsreserv, an eis Budgetsreserv - ech soen et hei fir d'Drëtt - ass 505 Milliounen Euro. An eise Fongen hu mer Reserve vun 2,6 Milliarden Euro.

An déi Suen, Dir Dammen an Dir Hären, hu mer op eng gutt a responsabel Aart a Weis ugeluegt. Mat dëse Suen, wat dem Steierzueler seng Sue sinn - et si jo net dem Budgetsminister seng, e géréiert se - hu mer net spekuléiert. Et ass also net, wéi ech e Freideg den Owend op RTL en ADR-Deputéierten héieren hunn, dee gesot huet, mir hätte mat der Trésorerie spekuléiert. Déi, déi mech kennen, wëssen iwwregens, datt dat net mengem Charakter entsprécht.

***(Interruption)***

Den Här Bodry confirméiert dat.

Dat entsprécht och net menger Opfaassung vun enger seriöser Gestioun vun den öffentleche Suen, an d'Regierung deelt déi Opfaassung, well mir hunn zënter dem Gesetz vun 1999 d'Méiglechkeet eng Politique d'investissement mat deene Suen ze maachen, déi mer virdrun net esou haten.

Ech ka mech nach gutt erënneren, datt an deene leschte Joren den Trésorminister kritiséiert ginn ass, well en d'Sue vum Stat net géing mat deem beschte Rendement uleeën. Dat ware besonnesch déi Joren, wou d'Boursen natierlech méi bruecht hu wéi d'Spuerbicher. Ech hunn trotzdeem ëmmer refuséiert, och wann ech gewosst hunn, datt mer do e puer Prozent méi Rendement erakritt hätten, déi Suen unzeleeën an domadder Aktien ze kafen, mä mir hunn nom Gesetz vun 1999 eng intelligent Diversifikatioun beim Uleeë vun de Statssue gemaach, mä ech ënnersträichen et, ouni Risiko. Mir hunn de Gros vun eise Suen op engem Spuerkont bei der Spuerkeess stoen. Mir hunn e Rendement dorobber de leschte Mount vun ongeféier 3,3% gehat. Dat ass deen normalen Taux, wéi och e Bierger seng Suen uleet. Mir hunn och e ganz klengen Deel an Obligatiounen. Och nach eng Kéier e klengen Deel an e speziaalt Instrument gesat, an European mediumterm notes geluegt, an doranner war wichteg, datt mer mat der Bank ofgemaach hunn, datt d'Kapital, wat mer ginn hunn, ëmmer muss à tout moment garantéiert sinn. Dat heescht, datt wa mer 100 Frang dohinner droen, da kréie mer um Enn vun där Echéance 100 Frang plus e Rendement erëm. Dee Rendement gëtt determinéiert par rapport zu gewëssene Kritären, mä mir verléieren net een eenzege Frang.

Et läit mer vill drun, dat ze preziséieren, well ech net akzeptéiere kann, datt hei gemaach gëtt, wéi wa mat de Steierzueler hire Suen eng Spekulatioun géing gemaach ginn. Dir hutt kee Spekulationsminister. Dir hutt a behaalt e responsablen Tresorsminister.

Des voix.- Très bien.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Gesond Statsfinanzen, Dir Dammen an Dir Hären, sinn am Intérêt vun de Leit. Mir hu versicht an där Politik, déi mer maachen, de Stabilitéitsprogramm, dee mer an Europa virgeluegt hunn, an deen do vun den eenzelne Finanzministeren évaluéiert gëtt, ze respektéieren. Dëse Programm verlaangt Budgetsdisziplin. Nëmmen eng gesond Finanzsituatioun, dat heescht e Budget am Equiliber oder excédentaire erlaabt et de Länner a konjukturell méi schwierege Momenter ze reagéieren, ouni iwwer en Defizit vun 3% vum PIB ze kommen.

Ech wëll hei nach eng Kéier d'Wichtegkeet vun deem Stabilitéitsprogramm ervirsträichen. Datt een no dem Antrëtt an d'Europäesch Währungsunioun heiansdo iwwert dee Stabilitéitsprogramm muss kënnen diskutéieren, dat schéngt mer dat Normaalst vun der Welt. Dat heescht net, datt ee vu senge Grondobjektiver ofweicht. Ech géing zum Beispill mengen, datt et gutt wär, datt am Kader vun enger Rediskussioun vun deem Stabilitéitsprogramm géing gekuckt ginn, datt d'Kritäre vum Stabilitéitspakt deene Länner Rechnung droen, déi Reserve gemaach hunn.

Et ass haut esou, datt e Land, wat gespuert huet, d'nämlecht behandelt gëtt am Kader vun der Evaluatioun vum Stabilitéitsprogramm, wéi déi Länner, déi net Suen op d'Säit geluegt hunn. Et ass gutt, wann een à l'occasion eng Nuance an deem Stabilitéitsprogramm mécht, fir déi Länner ze honoréieren, déi a gudden Zäiten an opgrond vun där Politik, déi ech virdru beschriwwen hunn, Reserve gemaach hunn, déi eng niddreg Schold hunn, an duerfir aner Méiglechkeeten hunn, wéi déi, fir déi ursprünglech dëse Stabilitéitsprogramm gemaach ginn ass.

Et ass en Ënnerscheed, ob een esou eppes mécht fir den Antrëtt an d'Währungsunioun oder duerno. Wichteg awer mussen an där Diskussioun ëm de Stabilitéitsprogramm d'Ziler bleiwen. D'Ziler sinn eng gesond Finanzsituatioun

an den Ofbau vun der Statsschold als Grondprinzip. Grad esou wichteg ass et, dass een déi makroekonomesch Politicken, déi d'Grondlag si vun deene Stabilitéitsprogrammer, respektéiert.

Ech hu gesot, mir hunn e Budget vu gesonde Statsfinanzen, déi responsabel ugeluegt sinn. Mir hunn e Budget lech hei virgeluegt, deen de Budget ass fir Aarbechtsplazen a fir Wuesstum. Mat dësem Budget ginn op eng vielfälteg Aart a Weis d'Betriber an d'Leit hei am Land ënnerstëtzt an hirer ekonomescher Aktivitéit.

Wuesstum - dat hunn ech iwwregens schonn d'lescht Joer gesot bei dëser Diskussioun - kann een net a Prozenter dekretéieren, quitte datt mer d'lescht Joer hei e bëssen eng aner Diskussioun iwwert de Wuesstum haten, mä d'Politik kann a muss dëse Wuesstum versichen ze stimuléieren. Et ass duerfir - de Statsminister ass virdrun dorop agaangen -, datt mer och am nächste Joer eng ganz staark Investitiounspolitik wëlle maachen.

Wann ee kuckt, wat mer dëst Joer fir Investitiounen ausginn, a wann ee kuckt wéi vill dat d'nächst Joer ass, da gesidd Der, datt do Progressioune vu ronn 30% sinn. Dat sinn enorm Chifferen. Dat sinn d'nächst Joer eppes 760 Milliounen Euro. Wann ech dat zum Beispill nëmme vergläiche mam Joer 2000, wou et eng 420 Milliounen Euro waren, da gesäit een, wat fir eng enorm Progressioun, och an absoluten Zifferen dat ass, net nëmmen a Prozenter. Suen, déi zu engem ganz groussen Deel de Lëtzebuerger Betriber zegutt kommen, déi eng Infrastruktur schafen, déi aus Lëtzebuerg e kompetitive Wirtschaftsstanduert mécht. Duerfir wëlle mer op deem Wee weider goen.

11% vun den Dépensë vum Stat sinn Investitiounsausgaben. Dat ass en äusserst héijen Taux, wann een e vergläicht mat de Länner an Europa. Wann een dat a Prozenter vum PIB ausdréckt, da gesäit een, datt d'Investissementer 3,5% ausmaachen. Ech stelle fest, dass zu Lëtzebuerg bei den öffentleche Finanze selte gekuckt gëtt, wéi d'Situatioun am Ausland ass. Mir hunn eng Tendenz, datt wa mer op engem Punkt eng Kéier e bësse méi schwaach si wéi d'Ausland, datt dat ganzt Land eis seet: Kuckt emol déi aner, déi maachen et vill besser.

Ech hätt gären, datt mer an Zukunft emol géinge bei den öffentleche Finanzen d'Budgeten, d'Finanzsituatioun, d'Statsschold an d'Reserven, op d'mannst vun deene Länner, déi ronderëm eis sinn, op engem Tableau niewentenee leeën an dann e Jugement ofginn iwwert dat, wat mir hei maachen. Mir wëllen hei e raisonnable Wuesstum. Dat ass dat Nämlecht wéi dat, wat mer d'lescht Joer gemaach hunn, duerfir ginn d'Investitiounen op engem héijen Niveau gehalen. Mir kënnen dat maachen, well mer déi Reserve gemaach hunn, vun deenen ech virdru geschwat hunn.

D'Steierreform 2001-2002 reit sech natierlech an déi nämlecht Politik an. Ech ginn dorop net nach eng Kéier an, well de Finanzminister dat gemaach huet, mä et muss een se awer gesinn, net nëmmen an hirem direkte budgetären Effet, mä natierlech och an hirem Wuesstum stimuléierenden Effet, besonnesch a konjukturell méi schwaachen Zäiten, wéi déi, wou mer dra sinn. Si kënne momentan en Déséquiliber am Budget provozéieren, deen dann awer net schlëmm ass, wann eng Wuesstumsphas duerno kënnt.

Dozou gehéiert d'Dépense, wéi déi an dësem Budget vun der Recherche: 0,15% vum PIB, Tendenz steigend. Och dat gëtt net gemaach aus reng theoretesche wëssenschaftleche Grënn, mä dat huet eng Zilsetzung, nämlech datt d'Ekonomie dovunner soll mëttel- a laangfristeg profitéieren, datt also nei Aktivitéiten op Lëtzebuerg kommen. D'Kadergesetzer si wichteg, fir déi Ekonomie an dee Wuesstum ze stimuléieren. Dat gëllt ganz besonnesch fir d'Finanzplaz, déi de Motor vum Wuesstum an deene leschte Joren zu Lëtzebuerg ganz sécher war. Et bleift, ech géing soen, bäi wäitem d'Haaptsource vun der Kierperschaftssteier an eisem Land.

Et ass evident, datt déi international wirtschaftlech Situatioun an d'Boursen en Effet op d'Finanzplaz hate während deenen éischten Trimestere vun dësem Joer. Eng Finanzplaz, déi international ass, spiert natierlech déi international Répercussiounen. Nach muss ee feststellen, datt substanziell Benefisser am Joer 2002 gemaach ginn, och wann d'Bruttoresultat, wat ëm 3% läit, respektiv ëm 16%, wann een extraordinaire Plus-valuen ofrechent, an dësem Joer manner héich ass, och wann ee muss feststellen, datt d'Bilanzzomm vun de Banken an den éischten dräi Trimestere vun dësem Joer ëm eppes 10% manner héich ass, och wann ee muss feststellen, datt dëst Joer 50% manner Leit op der Bankplaz agestallt gi sinn, wéi dat Joer virdrun. Nach muss ee feststellen, datt Leit agestallt ginn. Ech mengen, et muss een also de Wuesstum net nëmme moosse par rapport zum Joer virdrun, mä et muss een en och kucke par rapport zu deem vu wou mer ausgaange sinn. Wann een iwwer e puer Joer kuckt, dann ass déi Evaluatioun eng ganz aner wéi déi, déi mer hei maachen.

Mir hunn duerfir gesuergt, datt déi Finanzplaz weider eng staark Roll an eiser Ekonomie ka spillen. De Saz: „Mir mussen d'Ekonomie diversifiéieren.", ass richteg. Grad esou richteg ass et, datt innerhalb vun der diversifiéierter Ekonomie mer eng staark zolidd diversifiéiert Finanzplaz wëllen hunn. Et ass dat, wat d'Regierung mécht. Et ass dat, wat ech an deene Projets de loi, déi ech, als dee fir d'Finanzplaz zoustännege Minister, versichen ëmmer erëm ze maachen.

Ech huelen nëmmen zwee Beispiller aus der rezenter Vergaangenheet. Mir hunn als schnellst reagéierend Land an Europa e Projet de loi op den Instanzewee ginn iwwert d'Ëmsetzung vun der drëtter Generatioun vun den OPC-Direktiven. De Conseil d'Etat huet scho säin Avis gemaach. Ech stelle mat Satisfactioun fest, datt d'Finanzkommissioun vun Ärer Chamber schonn amgaangen ass, dee Projet ze studéieren. Mir hunn de leschte Freideg e Projet am Regierungsrot gehat, fir nei Kategorie vu Professioune vum Secteur financier anzeféieren, fir also deen néidege Kader ze ginn, fir e méi diversifiéiert Geschäft op der Finanzplaz zu Lëtzebuerg ze hunn.

Den FMI huet déi Finanzplaz uganks vun dësem Joer analyséiert an huet gesot: Et ass eng zolidd, effikass a gutt geregelt Finanzplaz.

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass d'Resultat vun enger Politik, déi mer gemaach hunn. Dat ass eng Politik, déi mer viruféieren. Mir hunn et fäerdeg bruecht, dass Lëtzebuerg op kenger vun deene schwaarzen oder groe Lëschten, déi an der Welt zirkuléieren, steet, well mer konsequent verschidde Geschäftsaktivitéiten net zu Lëtzebuerg wollten, wou mer gemengt hunn, dass se schiedlech wären. Jiddfereen huet säi Bäitrag dozou ze leeschten. Déi Finanzplaz huet eng Zukunft. Déi Finanzplaz huet eng Ënnerstëtzung vun der Regierung. Si wäert änneren an hirer Natur, well all ekonomeschen Zweig ännert mat der Zäit. Si ännert duerch international Fusiounen, mä déi, déi mengen, datt se mar net méi do wär, ech mengen, déi ieren sech. Et ass an Europa Plaz fir eng Rei Finanzplazen, déi, déi Know-how hunn, déi, déi dee richtege juristesche Kader hunn - dee mir geschafen hunn -, wäerten un der Spëtzt vun de Finanzplazen an Europa bleiwen.

Mir hunn e Budget vun der Solidaritéit an de Grondaufgabe vum Stat, woubäi zum moderne Stat Solidaritéit selbstverständlech gehéiert. Wann ee weess, dass eise Sozialbudget dëst Joer 44% vun de Gesamtausgabe vum Stat ausmécht, da gesäit ee wat fir eng Wichtegkeet d'Regierung, a mir hoffen d'Parlament, dëse Politicke gëtt, Politicken, déi am Fong Ëmverdeelungspoliticke sinn. De Stat sammelt Steiersuen an e verdeelt se no gewësse Kritären, déi de Stat, déi d'Parlament setzt. Mir mengen, datt déi Politicke musse virugoen, besonnesch aus deene makroekonomeschen a sozialpolitesche Grënn, déi de Statsminister virdru genannt huet.

Dëst Joer hu mer awer déi Leit, deenen et besonnesch schlecht geet, oder déi, déi besonnesch d'Ënnerstëtzung vun der Solidargemeinschaft vun eis all brauchen, ënnerstëtzt. Ech erënneren drun, wat mir am Hierscht bei der Presentatioun gesot hunn, zum Beispill méi Plazen ze schafe fir déi Kanner, déi vun de Geriichter placéiert ginn, méi Plazen ze schafen am Handicapéierteberäich, deenen, déi Krankheete wéi Aids hunn, ze hëllefen, deenen, déi eeler a fleegebedürfteg sinn am Kader vun der Assurance dépendance, Assurance dépendance, déi am Sozialbudget eng grouss Roll spillt. Alles dat si Moossnamen, wou mer mengen, dass déi an enger Gemeinschaft vu Solidaritéit, déi de Stat leschten Enns ass, an déi mer wëllen ënnerstëtzen, mussen eng wichteg Plaz an engem Statsbudget fannen. Si ginn e bëssen duerch déi Diskussioune vun de leschte Woche vergiess. Duerfir wollt ech hei extra drop hiweisen, datt mir net drun denken, déi doten Zort Dépensen, fir déi Schwaachsten an der Gesellschaft, ze reduzéieren oder ofzeschafen.

An deem Kontext, mengen ech, spillen d'Hëllefen un all d'Bierger am Land am Beräich vum Logement eng ganz wichteg Roll. Dat sinn net nëmmen déi Schwaachst an der Gesellschaft, mä dat ass fir jiddferee vun eis, besonnesch fir déi, déi am Ufank vun hirem Erwuesseneliewe stinn, ganz wichteg. De Statsminister ass op déi Politik agaang. Ech géing just nëmmen ee Chiffer hei nennen: Wann ee kuckt am Budget vum nächste Joer, do sinn d'Hëllefen un déi eenzel Leit hei am Land, wat de Beräich Logement ubelaangt, 71 Milliounen Euro héich. Dat si staark Croissancen, och par rapport zu virun zwee, dräi Joer. Duerfir, mengen ech, ass dat eng Politik, déi ganz ville Leit hei am Land zegutt kënnt, déi eppes mat Liewensqualitéit ze doen huet, déi iwwert dat Element vu Solidaritéit erausgeet, mä och dat Element mat abehält.

An dem Kontext vun der Solidaritéit bleift et fir eis noutwendeg, datt mer déi Solidaritéit mat deene vill méi Schwaache wéi mir ausserhalb vun eise Grenze weider op engem héijen Niveau halen. Iwwregens ass dat net nëmmen eng moralesch Verflichtung. Ech sinn dorobber d'lescht Joer agaangen. Ech schwätzen natierlech vun der Entwécklungshëllef. Et ass an eisem ureegenen Intérêt. Et hëlleft Stabilitéit a Fridden an der Welt ze schafen. Et hëlleft Migratiounsstréim ze kontrolléieren. Et hëlleft an enger globaliséierter Welt Effete vun deem enge bei deen aneren an eng gewësse Richtung ze bréngen.

Wa mir dëst Joer 0,84% vum Revenu national brut un d'Entwécklungshëllef ginn, an domadder eent vun deene véier, fënnef Länner an der Welt sinn, déi am meeschte vun hirem Revenu national brut un d'Entwécklungshëllef ginn, dann ass dat, wéi gesot, Solidaritéit hannert där d'Regierung steet, well mer aus moralesche Grënn an aus eegenem Intérêt gesinn, datt kee Wee dolaanscht geet. Mir wäre frou, wann déi aner Länner eis dat do géingen nomaachen. An absolute Chiffere sinn dat zum Beispill eng 15 Milliounen Euro méi, wéi mer konnten 2001 an déi Drëtt Welt ginn. Mir wëlle mat deem Effort virufueren.

Ech hu gesot: Et ass de Budget vun der Solidaritéit a vun de Grondaufgabe vum Stat. De Budget am Gréff behalen heescht jo net, datt ee keng Ausgabe mécht. De Budget am Gréff halen heescht, datt een e sécheren, op der Dépensësäit vielfältege Budget huet. Mir hu jo schlussendlech 6,4 Milliarden Euro Dépensen. Wann een déi richteg analyséiere wëllt, da muss een déi Dépensen iwwer e puer Joer kucken, fir d'Prioritéite vun der Regierung richteg kënnen ze jugéieren. Do mengen ech, gesäit een, datt besonnesch bei de Grondaufgabe vum Stat, niewent der Solidaritéit vun där ech geschwat hunn, d'Regierung budgetär Akzenter gesat huet.

Ech huelen nëmmen zwee Beispiller eraus, wëssend datt all Beispill nach ëmmer en arbiträre Choix ass. Ech huelen d'Schoul, vun der Spillschoul iwwregens bis zur Universitéit, insofern se de Stat betrëfft, en Deel ass jo op de Gemengebudgeten. Wann ech kucken 1999, do hate mer am Edukatiounsberäich 575 Milliounen Euro. D'nächst Joer hu mer 820 Milliounen Euro. Do gesäit een, datt alles, wat Edukatioun ass, vun der Spillschoul bis zur Uni, eng Croissance vun 42% opweist. Dat beweist, datt mer der Meenung sinn, datt d'Formatioun vun deene Jonken an eiser Gesellschaft, vum klengsten Alter un, muss Sue kaschten - et kann een dat net ëmmer mat Sue jugéieren, dat weess ech, mä ech schwätzen nun emol hei als Budgetsminister -, an datt dat e wesentlecht Element ass, wa mer eist Land wëllen op d'Zukunft virbereeden. Eng Schoul, nieft den Inhalter, brauch Infrastrukturen, brauch Leit, déi dat mat Engagement maachen, an déi musse Paie kréien. D'Croissance iwwer véier Joer vun 42% ass en Zeeche vun där Politik.

Datselwecht gëllt an enger anerer Grondaufgab vum Stat, der Sécherheet. Polizei a Justiz. Wann ech zum Beispill kucken, datt mer d'Ausgabe fir d'Police an der Zäitspan 1999-2003 ëm 70% gehéicht hunn, da gesäit een, wat fir eng Importenz mer am Budget, ënnert deene villen Aufgaben, déi mer hunn, de Grondaufgabe vum Stat ginn. Och d'nächst Joer gi bei der Police 87 zousätzlech Leit agestallt, dovunner 20 bei der Kriminalpolizei a 60 als Polizisten, déi an deene verschiddenen aneren Aktivitéiten täteg sinn. Dat kascht natierlech alles Suen. Déi wëllt d'Regierung, no deene vun hir gesatene Prioritéiten, ausginn.

Datselwecht gëllt fir d'Justitz. D'Justiz huet an där nämlechter Zäitspan 1999-2003 46% méi Kreditter kritt. Dat sinn enorm substanziell Augmentatiounen. Och do hätt ech emol gären, datt een déi géing op comparativen Tableaue mam Ausland vergläichen. Mir kréien d'nächst Joer nei Riichteren an neit administratiivt Personal op de Geriichter.

Ech kënnt mat där Lëscht weiderfueren, maachen dat awer aus evidenten Zäitgrënn net. Eng zolidd gesond Gestioun vun de Statsfinanze verlaangt, dass ee regelméisseg kuckt, net nëmmen, wéi déi eenzel Kreditter evoluéieren, mä kuckt, wéi déi eenzel Kategorië vu Kreditter evoluéieren.

D'Dépensëstruktur am Gréff behalen ass wesentlech, an duerfir wëll ech hei nach just ee Chiffer rappeléieren, deen de Statsminister virdrun an enger anerer Beliichtung ginn huet, nämlech deen, datt d'Konsumausgaben, d'Salairen ofgezunn, beim Stat, wann ee se vergläicht zum Beispill mat 1995, um genau nämlechten Niveau, nämlech vun ongeféier 7,5% leien. D'Gehälter, par rapport zu de Gesamtausgaben, sinn erofgaang an der Zäitspan 1995-2003 vun eppes 24% op 19%. Déi 19% hat de Statsminister virdru scho genannt. Am gläichen Zäitraum sinn d'Investitiounsausgabe vum Stat geklomme vun 8,9% (1995) op 11,2% d'nächst Joer.

Ech mengen, datt dat noutwendeg ass, wann een déi Chiffere vum nächste Joer kommentéiert, dass ee se kuckt iwwer e puer Joer an dann eréischt ka gesinn, ob mer d'Konsumausgaben am Gréff haten oder net, ob mer eng aner Ëmschichtung an der Dépensëstruktur musse maachen oder net.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat am Summer gesot, wéi mer de Budget virgestallt hunn, datt et e Budget wär vum virsiichtegen Optimismus. Ech mengen, datt dat och haut nach richteg ass. En ass optimistesch, well et ass ee Budget, deen eng Croissance virgesäit an deen zugläich och wëllt hëllefen dee Wuesstum stimuléieren. E wëllt eppes bäidroen zu deem Wuesstum duerch méi Investitiounsausgaben, duerch eng Steierreform, duerch sozial Transferten.

Mir hunn eng Croissance an deem Budget a mir baséieren eis och op eng Croissance. Croissance, déi jo och vun der europäescher Kommissioun a vun anere fir d'nächst Joer virgesi gëtt.

Optimistesch ass dëse Budget och, well mer Reserven ugeluegt hunn, déi eis elo zegutt kommen. Mir hunn déi Reseve jo net gemaach, fir déi éiweg do stoen ze loossen. Mir hu se gemaach fir méi schlecht Zäiten. Dofir gi mer elo, wann noutwenneg, un déi Reserven, well soss hätte mer se net bräichten ze maachen, soss hätte mer se deemools ausginn. 3,2 Milliarde Reserven, dat si Montanten, déi loosse sech weisen. Déi sinn do, fir d'Infrastrukturen ze bezuelen, ech hunn et schonn eng Kéier gesot. Optimistesch och, well dëse Budget sech areit a gesond Statsfinanzen, déi d'Resultat si vun enger Budgets- a Finanzpolitik vun de leschte Joren.

Virsiichteg awer och - et ass e virsiichtegen Optimismus -, well et e Budget ass, deen engem méi luese Wirtschaftswuesstum Rechnung dréit. Mir hu versicht d'Steierrecettë realistesch anzeschätzen opgrond vun den Erkenntnisser, déi mer zu dësem Zäitpunkt hunn an déi ee muss an deenen nächste Wochen a Méint systematesch a vläicht méi oft am Joer, wéi bis elo, iwwerkucken. Mir wäerten dat och am Parlament maachen. Ech mengen et wär gutt, wa mer systematesch all puer Méint mat der Finanz- a Budgetskommissioun géingen iwwert den aktuelle Stand vun de Recetten an den Dépensen am Laf vum nächste Joer kucken, well d'Croissance économique, gëtt virausgesot, soll erëm unzéien d'nächst Joer am zweete Semester. Kee weess genee wéini, also muss een, besonnesch bei Steieren, déi enk un der wirtschaftlecher Entwécklung hänken, an ech gesinn der och virun allem zwou, nämlech d'Gehältersteier an d'Taxe d'abonnement, där hir richteg Aschätzung maachen, déi Adaptatioune muss een am Laf vum Joer gesinn, wéi se évaluéieren.

Mir hu se ganz virsiichteg agesat. Ech hunn de Mëtten nach eng Kéier nogekuckt, mir hunn zum Beispill d'Gehältersteier am Joer 2003 nëmmen ëm 2% méi héich agesat, wéi am Kont vum Joer 2000. Also iwwert eng Zäitspan vun dräi Joer hu mer nëmmen 2% méi bei der Gehältersteier agesat, well mer mengen, datt dat der

Realitéit Rechnung dréit a selbstverständlech och der Steierreform. Ech wëll Iech domat weisen, wéi virsiichteg realistesch mer mengen, hätte mer déi Suen do virgesinn.

Mir mussen d'Statsfinanzen ëmmer mëttelfristeg kucken an esou eis Budgeten och fir d'Zukunft opstellen. Een Zickzackkurs an der Budgetspolitik, dee just géing baséieren op enger Momentopnahm vun der Ekonomie oder op e puer opgereegtenen an heiansdo falsche Statistiken, ass net gesond, dee schuet der Ekonomie. Esou kann ee keng Budgetspolitik maachen. Statistiken kënnen, besonnesch an engem onséchere wirtschaftlechen Emfeld, nëmmen e Wourechtsgehalt hunn, wann ee se iwwert eng gewëssen Zäit kuckt.

Mir sinn déi lescht Jore responsabel mat de Statssuen ëmgaang, hu vläicht net alles gemaach, wat jiddferee gär gehat hätt, mä duerfir hu mer haut eng niddreg Statsschold, duerfir hu mer Reserven, déi mer elo kënnen asetzen, duerfir hu mer Reserven, déi mer net op der Bourse verspekuléiert hunn, duerfir hu mer och net Geld zur Fënster erausgehäit an trotzdeem hu mer vill an de leschte Jore realiséiert.

Mir ware responsabel, mä mir mussen et elo weider sinn, vläicht nach méi, wéi an der Vergaangenheet. Duerfir maachen ech awer och en Appel un eis all, heibannen an dobaussen, datt et elo keng Zäit ass fir nei Fuerderungen, fir nei Dépensen, déi iwwert de Budget, dee mer hei am Parlament presentéieren, eraus ginn. Mir mengen, datt dat an dëser Zäit net verantwortungsvoll wär.

De Budget ass voll vu wichtege politeschen Iddien an Akzenter a ville Beräicher, déi am Intérêt vun de Leit hei am Land sinn. 6,4 Milliarden am Budget plus nach ongeféier eng Milliard Ausgaben an den Investiounsfongen, domadder kann ee villes hei am Land maachen.

Ech wäert derfir suergen, datt déi Ausgaben net dat iwwerschreiden, wat mer hei dem Parlament presentéieren. D'Parlament wäert dat am Laf vum Joer jo kënnen intensiv suivéieren.

Mëttelfristeg wäerte mer d'Ausgabenhéicht mussen am Liicht vun och enger réckkuckend mëttelfristeger Analys vun de Steiereinnahme maachen. Dat gëllt besonnesch fir d'Budgeten 2004, 2005 an 2006. Och do gëllt et keen Zickzackkurs ze fueren, mä déi Adaptatiounen esou ze maachen, wéi ee se ka maachen opgrond vun den Erkenntnisser, déi een dann huet an ouni ze riskéieren, datt d'Ekonomie oder d'Akommes vun de Leit géing brutal Aschnëtter kréien, well dat géing ee Cercle vicieux an der Ekonomie ginn, deen nach méi schnell géing sech selwer no ënnen dreiwen, an dat wëlle mer op jiddfer Fall évitéieren.

Da mengen ech schlussendlech, datt mer bei manner Recettë mussen eis op d'Grondaufgabe vum moderne Stat konzentréieren. D'Prioritéit wäert da bei den Dépensë leie vum Sozialnetz, vun der Schoul, der Gesondheet, der Famill, der Sécherheet, dat ass keng exhaustiv Lëscht, mä de Stat muss sech heiansdo op seng Grondaufgaben zréckbesënnen, wann e muss mat manner Mëttele fonctionnéieren. An Zäite wou e méi Mëttelen huet kann en och nach Saache maachen déi nëtzlech sinn, déi wënschenswäert sinn, mä déi awer vläicht net zu den absoluten Noutwendegkeete gehéieren. Dat si politesch Choixen. Déi politesch Choixen, déi wëlle mer dem Parlament virleeën an doriwwer muss d'Parlament mat décidéieren.

De Budget 2003 erhält eis déi gesond Statsfinanzen, e setzt kloer Akzenter, an duerfir invitéieren ech Iech am Numm vun der Regierung dëse Budget ze stëmmen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vun der Deklaratioun vum Här Budgetsminister Luc Frieden.

Wat eis Aarbecht fir déi nächst Woch ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz gëschter getagt a schléit Iech Folgendes vir:

D'Chamber siégéiert en Dënschdeg, den 10. Dezember, um dräi Auer, e Mëttwoch, den 11. Dezember, moies um néng an nomëttes um halwer dräi, an en Donneschdeg, den 12. Dezember, moies um zéng an nomëttes och um halwer dräi.

En Dënschdeg hu mer d'Budgetsdebatten nom Modell 7. Bei Bedarf gëtt d'Sitzung och no halwer siwe verlängert.

E Mëttwoch de moie fuere mer weider mat den Debatten an uschléissend intervenéiert den Här Stats- a Finanzminister Jean-Claude Juncker.

E Mëttwoch nomëtteg ginn d'Budgetsdebatten ofgeschloss. Och hei gëtt bei Bedarf d'Sitzung no halwer siwe verlängert.

En Donneschdeg hu mer:

1. de Projet de loi 5031 iwwert de Bau vun enger Annexe fir de Lycée technique zu Dummeldeng;

2. de Projet de loi 5007 iwwert d'Services postaux; an

3. an engem Rapport d'Projets de loi 4691, 5008, 5009, 5010 a 5011, verschidden Accords de réadmission.

Ass d'Chamber domat averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 16.33 heures)***

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber online op
**www.chd.lu**
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

d'Chamber live
**Chamber TV**
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

## Sommaire des séances publiques

Communications pages 94-95

Ordre du jour page 95

Dépôt d'une motion sur la situation en Iran page 95

Ordre du jour page 95

Dépôt d'une résolution page 95

Dépôt d'un projet de loi page 95

Dépôt d'une proposition de loi page 95

Heure de questions au Gouvernement:

- Question 250 de M. Nico Loes relative à l'information du citoyen sur les dangers potentiels dans certains pays pages 95-96

- Question 251 de M. Jos Scheuer relative aux horaires de travail des salariés du secteur commercial au cours du mois de décembre page 96

- Question 252 de M. Robert Mehlen relative au problème des pierres d'emparement pour le Musée d'art moderne Grand-Duc Jean page 96

- Question 253 de Mme Mady Delvaux-Stehres relative aux intentions du ministère d'abolir à partir du 2ième trimestre de l'année scolaire courante une classe terminale du Lycée technique Michel Lucius page 96

- Question 254 de Mme Renée Wagener relative aux expériences du projet "partageons l'égalité - Gleichheit teilen" dans l'enseignement précoce, préscolaire et primaire page 96

- Question 255 de M. Ben Fayot relative aux orientations des propositions des premiers ministres du BENELUX à la Convention sur l'avenir de l'Europe pages 96-97

- Question 256 de M. Robert Mehlen relative à la campagne de publicité en relation avec la politique de coopération page 97

- Question 257 de M. Ben Fayot relative à la position du Gouvernement sur la candidature de la Turquie à l'Union européenne en vue du Conseil européen de Copenhague des 12 et 13 décembre 2002 pages 97-98

- Question 258 de M. Robert Mehlen relative à la situation économique extrêmement difficile des installations dites "collectives" de l'agriculture luxembourgeoise à Mersch et ailleurs page 98

- Question 259 de M. Ben Fayot relative aux propositions faites par le Vice-Président de la Commission, M. Kinnock au sujet du site de Luxembourg pages 98-99

- Question 260 de M. Georges Wohlfart relative à la création d'un nouveau bâtiment sur un nouveau site pour le Lycée technique agricole page 99

Dépôt d'une motion sur la situation en Iran page 99

Motion de M. François Bausch sur la situation en Iran et Motion de M. Jean-Paul Rippinger sur la situation en Iran pages 99-100

Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire relative à l'approbation des comptes de l'exercice 2001 de la Cour des Comptes page 100

Et wär fir d'éischt emol d'Méiglechkeet gewiescht, fir de Budget esou ze loossen, wéi d'Regierung en Enn Juli arrêtéiert hat an den halwe September hei an der Chamber déposéiert hat. Dat wär awer opgrond vun deene revidéierte Prognosen, och opgrond vun deene revidéierten Aschätzungen, virun allem vun der Steierverwaltung, der Véridicité budgétaire net gerecht ginn. Duerfir war et normal, datt een hei zu Adaptatioune komm ass.

Da wär eng zweet Optioun déi gewiescht, fir en offiziellen Defizit am Budget unzehuelen, sou datt d'Regierung hätt kënnen d'Recetten adaptéieren, mä d'Dépensen onverännert loossen. Or, et huet eis awer geschéngt, an enger Situatioun, wou et méiglech ass ouni gréisser Schwieregkeeten e Budget an den Equiliber ze kréien, wou nach all déi normal Dépensë kënne getätegt ginn, een net sollt e Budget mat engem Defizit virleeën. Virun allem denken ech, datt et kee gutt Zeechen no bausse gewiescht wär vis-à-vis vum Land an de Leit, wa mer op där enger Säit wëssen, datt et méi lues geet, an datt mer manner erakréien, an op där anerer Säit maache mer op der Dépensësäit, wéi wann näischt geschitt wär. Ech mengen, dat wär kee gutt Zeeche gewiescht. Duerfir ass déi Solutioun net zréckbehale ginn.

Da wär déi drëtt Méiglechkeet gewiescht, déi vu Verschiddenen an d'A gefaasst ginn ass, fir Schold ze maachen. Mir denken, datt mer awer net an enger Situatioun sinn, wou een heirobber sollt zréckgräifen. Mir kënnen ouni Schold ze maache weiderhin en zolidde Sozialbudget presentéieren, eis Investitiounen op engem héijen Niveau halen, eis international Verflichtungen erfëllen an d'Sécherheet hei am Land garantéieren. An esou enger Situatioun ass et net noutwenneg, fir op Emprunten zréckzegräifen. Wann eng weider Verschëldung sech dann zu engem spéideren Zäitpunkt sollt als noutwenneg erausstellen, da kënne mer ëmmer nach op deen dote Wee goen, well d'Verscholdungskapazitéit vum Stat ass intakt.

Mir hu schlussendlech zesummen zréckbehalen - an ech ënnersträichen dat - d'Fraktioune vun der Majoritéit mat der Regierung, fir op dee Wee ze goen, deen elo beschratt ginn ass, nämlech op där enger Säit d'Recetten esou ze ajustéieren, wéi d'Previsiounen eis dat noutwenneg erschénge loossen, an op där anerer Säit d'Dépensen och no ënnen unzepassen.

Mir konnten op deenen zwou Säiten, Här President, vum Budget schneiden, well den Zoustand vun de Finanzen dat erlaabt, well den Zoustand vun eise Fonge gëtt doduerch net negativ beréiert, hir Alimentatioun geet weider, wann och net an deem massive Mooss, wéi dat virdrun de Fall war. An de Fonge leien - ech hunn et virdrun ugedeit - bal dräi Milliarden Euro als Reserv fir déi öffentlech Investitiounen, déi mer eis virgeholl hunn. Mir kënnen, wéi scho gesot, ewell e Budget hei ficeléieren, deen awer ëmmerhin nach eng Steigerungsrat vu 5% huet. Dat sinn net méi déi Steigerungsraten, déi mer an der

Vergaangenheet kannt hunn, mä ëmmerhi 5% ass nach e ganz appréciable Prozentsaz. All wichteg Dépensë si geséchert.

Här President, déi dote Situatioun an déi doten Aart a Weis, fir e Budget fir d'Joer 2003 hei kënnen ze presentéieren, beweist op eng androcksvoll Aart a Weis wéi richteg a wéi néideg déi Politik war, déi virsiichteg Ausgabepolitik, déi net nëmme vun dëser Regierung, mä virun allem och vun deene Regierunge virdrun, ech géif soe vun der leschter Koalitioun a vun dëser Koalitioun, gemaach ginn ass.

Et gouf jo laang Zäit ëmmer erëm hei am Parlament driwwer diskutéiert, ob et dann noutwenneg wär, fir esou vill Geld, wéi genannt ginn ass, ze horten an de Leit net zoukommen ze loossen. Mir erënneren eis drun, wéi vun dëser Tribün aus vill Fuerderunge komm sinn, wou gesot ginn ass: Wat maacht Dir mat deene villen Erspuernisser? Firwat gitt Der de Leit net dat Geld zréck, wat iwwert de Steierwee erakomm ass? Et sinn hei allméiglech Zorte vu Politiken ugemahnt ginn, déi sollten, missten a kënnte gemaach ginn an noutwenneg wären, mä awer net dat, wat déi lescht an dës Regierung während laange Jore gemaach hunn, nämlech dat, wat se ëmmer genannt hunn: en Apel fir den Duuscht op d'Säit leeën. Dat ass gemaach ginn. Et ass an der Zäit op vill Onverständnis gestouss. Haut sinn déi, bei deenen et deemools op Onverständnis gestouss ass, frou, datt mer an där finanzieller Situatioun dra sinn, an där mer haut sinn.

Ech erënneren hei drun: Virun engem oder zwee Joer huet de Sprecher vun der sozialistescher Fraktioun vun dëser Tribün aus d'Chambre des Employés privés zitéiert, déi geschriwwen hat an hirem Avis, datt et scho bal immoralesch wär, wéi vill Geld, datt de Stat géif op d'Säit leeën, net direkt investéieren, respektiv net a gewësse Politikberäicher direkt afléisse loossen. Et ass als praktesch immoralesch dohinner gestallt ginn an et ass hei zitéiert gi vun de Sozialisten. Ech weess net, ob et gemengt war, fir eng Thes ze ënnermaueren, ëmmerhi war et mat zimlechem Genoss op dëser Tribün gesot ginn.

Ech wëll soen, Här President, datt meng Fraktioun haut net a Freed doriwwer verfält, datt mer Recht hunn an datt mer Recht haten, datt d'Regierung an déi zoustänneg Ministeren, déi responsabel si fir d'öffentlech Finanzen hei am Land, an deene leschten zéng Joer, wéi et dem Land gutt gaang ass, wou mer extrem héich Recetten haten, op dee Wee gaange sinn, dee mer gaange sinn, en Apel, fir den Duuscht unzeleeën. Et ass en zolidden Apel. Et ass en décken Apel. Mir kënne laang dovun zieren. Et ass en Apel fir den Duuscht. Wéi gouf gesot: Anerer hunn Duuscht an et sinn der vill ronderëm eis, déi Duuscht hunn, mä déi hu weder en Apel nach emol e Batz vun engem Apel, fir dran ze bäissen. Mir hunn de Moment en Apel a mir wäerte mat deem Apel den Duuscht vun deenen nächste Jore kënne stëllen.

Här President, ech hunn et virdru gesot, mir brauche keng ziddereg Hand ze hunn. Eng ziddereg Hand ass geféierlech, net nëmmen am Verkéier, mä och an der Finanzpolitik. D'Regierung brauch net, d'Majoritéit och net, an ech menge mir alleguerte brauchen net an Hektik ze verfalen. Mir wëssen, Här President, datt mer eis op engem verminnten Terrain befannen, an datt äusserst virsiichteg Bewegungen ubruecht sinn. A well et net sécher ass, datt dee Konjunkturopschwong, deen eis elo vun allen Instituter fir d'zweet Semester vum nächste Joer virausgesot gëtt, datt dee sech an der zweeter Halschent vum nächste Joer presentéiert, musse mer virsiichteg sinn a bleiwen. A wann deen dann net sollt kommen, da musse mer zu anere Mëttel gräifen, fir de Patient ze heelen, wann dat sollt noutwenneg sinn.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Ech kommen zum Schluss vu mengen Interventiounen nach eng Kéier gär dorobber zréck.

Här President, de Rapporteur huet a sengem schréftleche Rapport an och a senger Ried d'lescht Woch op dëser Tribün duergeluegt, wéi hien déi finanziell Situatioun vum Land aschätzt, an et ass eng Aschätzung, déi vun der Majoritéit heibanne gedeelt gëtt. Hien huet drop verwisen, datt et kann noutwendeg sinn, ënner Ëmstänn, datt et zu méi substantielle Korrekturen an de staatlechen Dépensë ka komme wéi déi, déi fir dëst Joer virgesi sinn, wann et net zu enger schneller wirtschaftlecher Erhuelung kënnt.

Ech wëll dem Kolleeg Emile Calmes merci soen, fir déi Éierlechkeet, mat där hie säi Rapport verfaasst huet a fir déi Energie, mat där en ënner schwieregen Ëmstänn, a si waren dëst Joer schwiereg, si ware selten esou schwiereg fir e Budgetsrapporteur wéi dëst Joer, trotzdeem e Budgetsrapport erstallt huet, an deem ee vill fënnt an e Rapport, dee vill seet. Dëse Rapport weist, datt d'Majoritéit sech duerchaus de Schwieregkeete bewosst ass an datt se deementspriechend gewëllt ass ze handelen.

Här President, fir an deene kommende Joren an engem wirtschaftlech méi rouegen Ëmfeld Finanz- a Budgetspolitik kënnen ze bedreiwen, ass et noutwendeg, datt mer eis ekonomesch op eng méi breet Basis stellen. Mir hunn et nach ëmmer gesinn, mä mir gesinn et haut apart däitlech, datt wann de Finanzsecteur hei zu Lëtzebuerg de Schnapp kritt, datt dann d'ganzt Land un d'Houschte kënnt. De Finanzsecteur mécht bal d'Halschent vun eise Recetten aus. Dat gëtt eis dëst Joer méi wéi jee erëm däitlech, an d'Ofhängegkeet vum Finanzsecteur, an där eis Finanzen eigentlech agespaart sinn, ass, an dat muss ee gesinn, an et soll een et och net esou dohinner stellen, wéi wann dat eng Gäissel wär, ënnert där mer nëmmen ze leiden hätten. Et ass eng gutt Situatioun, wa mer niewent eiser Finanzplaz et awer och fäerdeg bréngen, fir d'wirtschaftlech Diversifikatioun esou ze maachen, wéi se noutwendeg ass.

An da sinn ech bei engem Reizthema, wat jo an deene leschte Woche méi oft vun dëser Tribün a vun aneren Tribünen aus beméit ginn ass. Ech wëll e Wuert dozou soen.

Et gëtt der Regierung virgeworf, a virun allem dem Wirtschaftsminister, dem Här Grethen, hien hätt déi wirtschaftlech Diversifikatioun hei am Land net richteg viru gedriwwen, hie géif sech ausrouen op de Lorbeere vun deem, wat seng Virgänger gemaach hunn. Ech hunn et virun aacht Deeg schonn eng Kéier vun dëser Tribün aus gesot, Här President, mir sinn net där Meenung. Wann een d'Zuele kuckt, an et geet jo net duer, fir generell hei e Statement ze maachen, et muss ee jo awer och kucken, wéi d'Zuelen déi effektiv Situatioun kënne beleeën.

Zënter 1999 ass eng ganz Rei vun neie Betriber hei zu Lëtzebuerg ugesidelt ginn. Et si bestehend Aktivitéiten ausgebaut ginn. Et sinn esou vill Aarbechtsplaze geschafe ginn an ass Kapital investéiert ginn an deene leschten dräi Joer, wéi dat am Duerchschnëtt an deene Jore virdrun de Fall war, an dobäi muss ee gesinn, datt dëse Wirtschaftsminister konfrontéiert war mat méi enger schwiereger Situatioun, mat méi engem schwierege wirtschaftlechen Ëmfeld, wéi dat an deene Joren an notamment och an där leschter Koalitioun de Fall war.

Kuckt Iech emol Amerika un. Zanter enger Rei vu Joren dréit et lues do, an an esou engem schwieregen Ëmfeld ass et natierlech och méi schwiereg, fir nei Betriber unzezéien, wéi an Zäite wou et boomt a wou et fluppt. Et muss een där Situatioun an deem Facteur Rechnung droen, wann een d'Diversifikatiounseffortë vun dem Wirtschaftsminister hei wëllt considéréieren. An da wëll ech nëmmen d'Fédération des Industriels als Beispill zitéieren. Déi schreift, datt se absolut zefridden ass mat där Politik, déi de Wirtschaftsminister an dësem Beräich gemaach huet, datt se keng Ursaach huet, fir sech iwwert hien ze bekloen. Da selwecht huet iwwregens d'lescht Woch de Statsminister op dëser Tribün gesot an dofir géif ech mengen, mat deene Reprochen do soll ee virsiichteg ëmgoen, well d'Zuelen an d'Fakte beleeën eppes aneschtes wéi dat, wat ëmmer erëm hei gesot gëtt.

An dann, Här President, gëtt gesot, de Finanzsecteur misst och diversifiéiert ginn. Ech muss Iech soen, datt et nach eng Rei vun Elementer gëtt, d'Titrisatioun an den Trust. Dat sinn Elementer, wou mer de Moment nach keng Texter hunn, déi awer an dëser Legislaturperiod gesetzlech wäerten an dëser Chamber behandelt ginn. Mä doriwwer eraus muss een dach awer gesinnn, wat an deene leschten zéng Joer am Finanzsecteur gemaach ginn ass un Diversifikatioun. Mir hunn eng Produktpalett hei zu Lëtzebuerg an deem Secteur, déi esou breet gefächert ass, wéi ee se praktesch néierens an Europa fënnt. Déi heiteg Regierung an och déi lescht Regierung hunn all Kéiers reagéiert, fir esou schnell ewéi méiglech dat wat noutwendeg war fir eis Finanzplaz ze konsolidéieren a fir se ze diversifiéieren. An deen neiste Projet, dee mer d'nächst Woch hei an der Chamber diskutéiere wäerten, deen iwwert d'OPCen, ass ee Projet, deen de Summer vun der Regierung abruecht ginn ass. Et ass e Projet de substance, dee vum Conseil d'Etat aviséiert ginn ass a wou den honorabelen Här Santer eis d'nächst Woch e komplette Rapport doriwwer presentéiere wäert, esou datt mer esou schnell wéi keen aneren nees eng Kéier an deem Beräich reagéieren.

An dofir, wa vun de Sozialisten aus déi ultimativ Opfuerderung un d'Regierung geet, fir hei eppes ze ënnerhuelen, da muss ech Iech soen, Här President, da rennen d'Sozialisten domat oppen Dieren an. De Gros, an domat si sech all d'Observateuren an och d'Leit vun der Finanzplaz eens, an deem dote Beräich ass gemaach. Eis Finanzplaz ass zefridde mat deem, wat gemaach ginn ass. Datt mer selbstverständlech zu all Moment musse weiderfueren, wa sech nei Elementer an nei Chancë bidden, da wäerte mer maachen.

Virun allem, Här President, freet et eis, datt d'Kolleege Sozialisten haut esou eng grouss Léift fir de Finanzsecteur entdecken. Dat war jo an der Vergaangenheet net ëmmer esou de Fall. Ech hunn d'lescht Woch mat ganz vill Opmierksamkeet an och mat vill Freed der Gebuertsdagsfeier vun der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei bäigewunnt. Et war eng ganz würdeg Feier fir eng eeler Damm, déi hire Gebuertsdaag gefeiert huet. Ech hunn och mat vill Interesse dem Här Asselborn sengen Ausféierungen, déi ganz interessant waren, nogelauschtert.

Ech verstinn, datt op esou enger Feier d'Sozialisten natierlech déi méi positiv Säiten ervirsträichen. Bei engem Gebuertsdag muss ee jo déi méi negativ Säiten net onbedéngt virun engem Public étaléieren. Ech wëll awer soen, Här President, och d'Lëtzebuerger sozialistesch Partei huet net nëmmen där gudder Momenter an deene leschten honnert Joer gehat. A well mer grad just hei bei de Finanzen a bei der Finanzplaz sinn, ...

***(Interruptions)***

Mir haten där och schonn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Elo fänkt Der emol erëm u würdeg ze ginn!

***(Hilarité)***

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, well alles esou wonnerschéin dohinner gestallt ginn ass, woufir ech iwwregens Versteesdemech hunn, well op enger Gebuertsdagsfeier mécht een dat esou, erlaabt Der mer awer, datt ech vun dëser Tribün aus och soen, datt et Momenter gouf, wou et net esou ganz glécklech war a wann d'Land haut an där Situatioun ass, wou mer sinn, mat enger Finanzplaz, déi jo de Räichtum vun dësem Land konsolidéiert huet, da well ech soen, datt d'Sozialisten, wéi d'Wéi dovunner gestanen huet, net derbäi waren an net Pätter an och net Giedel gespillt hunn. Si hunn deemools eng aner Roll gespillt. Dofir freet et eis, datt se déi Roll, déi se deemools gespillt hunn, haut ofgeträift hunn, an den Här Krecké mat ganz vill Energie a mat ganz vill Enthusiasmus hei d'Lëtzebuerger Finanzplaz verdeedegt, contrairement zu deem wat emol eng Rei vu senge Virgänger gemaach hunn.

An dann, Här President, wat à propos Finanzplaz - an ech wëll nëmmen ee Saz doriwwer soen - décisiv wäert sinn, vläicht muer, vläicht och eréischt zu engem spéideren Datum: Wat geschitt a puncto Accore vu Feira. Ech si frou, datt wéinegstens déi grouss Fraktiounen hei an dësem Parlament eng grouss Unanimitéit un den Dag leeën, fir d'Regierung ze ënnerstëtzen an deem, wat déi offiziell Politik vun der Regierung an deem dote Beräich ass. Ech wëll haut nëmme vun dëser Plaz aus - well muer wësse mer vläicht méi, haut wësse mer et net - der Regierung eng glécklech Hand an deem doten Dossier wënschen, well ouni glécklech Hand wäerte mer nach Zäite kréien, wou mer ganz anescht wäerten ze diskutéiere kréien, wéi mer haut diskutéieren.

***(Interruptions)***

Här President, et freet mech, datt niewent deene grousse Fraktiounen och eng vun deene klenge Fraktiounen am Parlament ass, fir an engem allgemenge Konsens der Regierung eng glécklech Hand ze wënschen. Ech wëll awer soen, Här President, fir de Volet vun der Bewäertung vun der Finanzplaz an der wirtschaftlecher Diversifikatioun ofzeschléissen, datt et och nach Secteure gëtt, wou mer eis mussen dru ginn, wou mer eis musse Méi ginn, fir anstänneg Rahmebedéngungen ze schafen an ze légiféréieren. Dat betrëfft virun allem de Beräich vun de Biotechnologien, wou mer nach guer keng legislativ Instrumenter hunn, fir dee Secteur kënnen attraktiv ze maachen. Et gëllt och fir de Beräich vun de Medien an der Kommunikatioun, och dem elektroneschen Handel. Do hu mer Usätz vun enger Législatioun, déi awer onbedéngt muss ausgebaut ginn.

Da wëll ech soen, Här President, wa mir Diversifikatioun schwätzen, dann hunn ech vill Versteesdemech fir dat, wat vun de Kolleege vun där grénger Säit gefuerdert gëtt. Ethesch Investitiounsfongen oder Hightechbetriber am Ëmweltberäich, dat si wichteg Saachen, Här President, mä et geet awer net domadder duer, mir brauchen och eng industriell Diversifikatioun.

Den Här Castegnaro huet viru 14 Deeg en Interview ginn, wou en dorobber higewisen huet - mat Bléck op eisen Aarbechtsmaart a mat Bléck op d'Main-d'oeuvre, déi mir hei am Land hunn -, datt mir och Aarbechtsplazen an deem Beräich brauchen, allerdéngs net op Käschte vun egal wat. An an deem Punkt sinn ech net mam President vum OGB-L d'accord, wann e mengt, Ëmwelt kënnte mir hei an déi drëtt Rei op de Balkon stellen, wann et ëm esou Aarbechtsplaze geet. Neen, selbstverständlech muss d'Ëmwelt mat am Vierdergrond stoen. Nohaltegkeet jo, mä datt mir awer och Aarbechtsplazen an deem Beräich brauchen a musse schafen, dat schéngt mir evident ze sinn, eleng iwwer ethesch Investitiounsfongen oder iwwer…

***(Interruption)***

…ëmweltschounend Betriber an dem ganzen Ëmweltberäich - Hightechbetriber, selbstverständlech -, mä donieft muss eng Rei vun aneren Elementer dobäi kommen.

Här President, ee Wuert nach zum Budget, dee mir jo haut hei sollen diskutéieren. Ënnert dem Stréch ass et e Budget, deen den dräi Haaptcharakteristiken, déi d'Lëtzebuerger Budgeten an deene leschte Joren haten, gerecht gëtt.

Ënnert dem Stréch hu mir e Budget, deen am Equiliber ass, deen an enger Rei vu Beräicher och Akzenter setzt, ob dat d'Sécherheet ass, ob et d'Educatioun ass, ob et d'Recherche ass oder den öffentlechen Transport. An et ass e Budget, dee wiisst, ëmmerhin nach ëm 5%, sou wéi ech dat virdrun dohinner gestallt hunn, wat, wann een dat mat eise Nopere vergläicht, ganz erhieflech ass, a wat in etwa och der Norm entsprécht no där mir an deene leschte Joren - net méi zënter 2000, mä déi Jore virdrun -, eis Budgeten uwuesse gelooss hunn.

Här President, ech hu virdru gesot, datt keng nervös Hektik, mä e kloren a kille Kapp a keng spektakulär Reaktiounen, mä iwwerluechtend Handelen, datt dat d'Reaktioune vu bal, awer och nëmme vu bal all deene waren, déi sech zu deene verännerte Wirtschaft- a Finanzdate geäussert hunn: Gewerkschaften, Patronat, Chambres professionnelles. Dofir gouf et jo och am Kader vun der Tripartite e groussen a breeden Accord a Konsens fir déi Modifikatiounen, déi d'Regierung un hirem Budget fir d'Joer 2003 virgeholl huet, eng Adaptatioun vun de Recetten un déi Schätzungen, déi de Moment virleien, an deementspriechend och eng Adaptatioun vun den Dépensen. Ech stelle fest: E groussen Accord an der Tripartite.

Mä ech hu virdru gesot bal, well et och Beräicher gëtt, an ech hat se schonn ugedeit, notamment bei der parlamentarescher Opposition hei am Parlament an och dobaussen, wou déi Approche, déi d'Koalitioun gewielt huet, net gedeelt gëtt. An do gëtt et e puer duerchaus novollzéibar Iwwerleeungen, déi hei geäussert gi sinn, notamment vun de Kolleege vun dem grénge Bord, déi sech hirer Linn trei bliwwe sinn. Déi Gréng hunn, wéi mir d'Steierreformen, d'Steierreduktioune virun zwee an engem halwe Joer hei décidéiert hunn, gesot, si géife mengen, datt dat alles géif zevill wäit goen. Haut soe se, gesi Dir, mir hunn et gewosst, mir hunn Iech et deemools scho gesot, dat ass ze wäit gaangen. Mir sinn net där Meenung, datt dat ze wäit gaangen ass, mä ëmmerhi bleiwen d'Kolleege ronderëm den Här Bausch där Linn trei, déi se scho viru Joren hei vertrueden hunn.

Et si virun allem, Här President, d'Kolleege vun der sozialistescher Säit, déi sech, wat déi Situatioun an där mir eis haut befannen ugeet, ervirgedoen hunn, an dat op eng Aart a Weis - an ech wëll dat ganz däitlech am Numm vu menger Fraktioun soen -, déi weder fir eis an der Form nach am Fong akzeptabel ass.

***(Interruption)***

Et huet een, Här President, zäiteweis d'Impressioun gehat - an ech erënnere mech un déi memorabel

Pressekonferenz vum 18. November -, wéi wann d'Sozialisten net méi wéissten, wou se dru wären. Si hu sech op onzählege Pressekonferenzen zu Interviewen, Communiquéen an Artikele geäussert a gemaach, wéi wann elo eppes hei am Land geschitt wär, en Accident, ähnlech wéi dee vum 11. September.

Or, dat ass jo net de Fall, ech zitéieren: „De Lack ass erof, den Uewen aus, d'Iddie fort, alles geet d'Baach erof, iwwreg bleift en décke Koup Schierbelen, als eng Zort vun Ierfschaft, vun e puer plakegen Dilettanten."

Dat war d'Tounlag, Här President, vun der Pressekonferenz vun de Sozialisten den 18. November. An, Här President, zu dëser Tounlag hunn net nëmme mir, mä och aner Leit, sech d'Fro gestallt, wat lass wär bei de Sozialisten. Wou ass de Sérieux bliwwen, mat deem si, bis elo wéinegstens, versicht hunn, hir Roll hei am Parlament als Oppositiounspartei ze spillen? Wou ass déi konstruktiv Oppositioun, mat där de honorabelen Här Krecké versicht huet, senger Aufgab als Chef vun der Oppositioun hei am Parlament gerecht ze ginn? Ass dem Fraktiounschef vun de Sozialisten, dee jo net nëmme vum Statsminister geschätzt gëtt, d'Ruder aus der Hand gelaf, oder sinn d'Segelen ëm agebrach? Huet d'Virwahlféiwer d'Sozialisten elo schonn esou am Grëff, datt déi verschidde Leaderen, déi verschidde Chefen a potentiell Spëtzekandidaten et fäerdeg bréngen, fir hiren éischte Mann zu Doten ze dreiwen, déi guer net zu him passen?

Här President, den Här Asselborn huet am Kader vun dem Gebuertsdag vu senger Partei e Saz gesot, dee mir gefall huet: „D'Demokratie verdréit keng Monotonie". Ech deelen, Här President, déi Appréciatioun. Effektiv, an enger Demokratie soll et a muss et lieweg zougoen, mä et muss een natierlech awer nach wëssen, wat een dann ënnert Net-Monotonie versteet. Ech denke mol, datt ech do mam President vun de Lëtzebuerger Sozialisten eens leien, wa mir dodrënner eng gesond a konstruktiv Sträitkultur verstinn.

Mä da stellen ech mir awer d'Fro, wéi gesäit dann déi Sträitkultur en fait aus, wann ech se elo mol kucken an deem Kader an deem mir eis elo bewegen: Budget, Finanzsituatioun, wirtschaftlech Situatioun?

Fir d'éischt, wat d'Form ubelaangt, e Koup Schierbelen hannerlooss vun Dilettanten. Also ech muss jo soen, et muss een net frou si mam Här Juncker, an et sinn der jo vill, déi net frou mat him sinn, grad esou wéi eng Partie net frou si mam Här Asselborn, et muss een net frou mat him sinn, mä fir en awer als Dilettant a Finanzfroen dohinner ze stellen, do muss ech awer ganz éierlech soen, dat fannen ech awer e relativ staarkt Stéck. Ech mengen, de Finanzminister huet an deene leschten zéng Joer, bei all deene Reformen, déi en hei am Parlament abruecht huet, bewisen, datt en net dilettantesch virgeet. Wann d'Sozialisten dat mengen, dann ass dat hiert gutt Recht. Op jidde Fall gleewen ech net, datt et vill Leit dobaussen am Land gëtt, déi déi doten Impressioun deelen.

An dann de Koup Schierbelen, wéi gesäit dann de Koup Schierbelen aus, déi dës Koalitioun elo am Hierscht 2002 dem Land hannerléisst? Woura besteet en dann? E besteet an enger Statsschold, déi inexistent ass. E besteet a Reservë vun iwwer 120 Milliarden ale Lëtzebuerger Frang. E besteet an héije schlummernde Reserven, déi nach net ofgeruff sinn. E besteet an enger Finanzsituatioun, déi gesond ass, eng Finanzsituatioun, déi awer net nëmme mä awer och, vun dëser Koalitioun erbäi gefouert ginn ass. Ech hunn d'Budgetsrieden nogelies. Ech hunn nogelies, wéi den Här Bodry am Joer 2000 an 2001 och ëmmer erëm op déi gutt Finanzsituatioun higewisen huet, an op d'Efforte vun där leschter Koalitioun fir dës Finanzsituatioun.

***(Interruption)***

Déi lescht Koalitioun, Här President, déi huet en Apel un d'Wuesse kritt gehat, deen, wéi se ofgaangen ass am Joer 1999, ronn 70 Milliarden al Lëtzebuerger Frang beinhalt huet. Haut sinn aus deene 70 Milliarden 120 Milliarde Reservë ginn. Ech ginn net dem Här Frieden an dem Här Juncker an dëser Regierung de Mérite, et ass well et gutt gedréint huet, mä et ass awer och…

***(Interruption)***

…well mir déi Gelder net ausginn hunn. An den Här Frieden, dee jo als Knéckjang ëmmer erëm dohinner gestallt ginn ass, deen dat dapert Vollek dobaussen net wëllt deelhuele loossen un där gudder finanzieller Situatioun.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Wat huet dat mat eis ze dinn?

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Sou Appréciatioune wéi e Koup Schierbelen vun Dilettanten, déi hu mat der Form, Här President Asselborn, vun der Sträitkultur ze dinn. Ech erënnere mech un déi Zäit, wou mir an der Oppositioun waren, mir hunn déi aner och net ëmmer mat Plastikshändchen ugepaakt.

Plusieurs voix.- Oh!

***(Hilarité)***

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech géif léiwer net dorun erënneren.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Mä ech denke jo mol, datt d'Sozialiste sech gäre beléiere loosse vu Leit, déi eppes richteg maachen. Musse se dann och dat, wat emol eng Kéier ee falsch gemaach huet, haut imitéieren? Ech hat geduecht, datt mir awer hei géifen en Toun fannen, dee bei aller Schäerft vun enger Sträitkultur sech géif op Niveauë bewegen, déi fir jiddfereen akzeptabel wären.

Här President, elo kommen ech zum Fong vun der Sträitkultur, den Alternativen an de Propositioune vun de Lëtzebuerger Sozialisten.

D'Regierung huet gesot: Et geet méi lues, mir mussen adaptéieren. Wa mer d'Dépensen erofsetzen, da musse mer iergendwou Aschneidunge maachen, an et goufen der gemaach. Et gouf gesot, mir ginn hin an d'Investitiounsfongen, dat ass eppes, wat de Moment net fuerchtbar wéi géif dinn, ech ginn dat gär zou, mir speisen déi an engem manner héije Grad. D'Sozialisten, hunn ech an engem Communiqué gelies, kritiséieren dee Fait, datt op deem Niveau sollt gespuert ginn, grad wéi se kritiséieren, datt am Beräich vun der Fuerschung, well déi jo automatesch par rapport zum PIB fixéiert gëtt, soll gespuert ginn.

Här President, ech hunn näischt dogéint, et kann een doriwwer wierklech streiden, wou een dann elo soll usetze goen a wou ee soll déi liicht Coupuren, déi mer de Moment sollen a musse maachen, maachen, ob een déi am Beräich mécht, deen d'Regierung proposéiert huet oder ob ee se an anere Beräicher mécht.

Mä d'Sozialisten, Här President, hunn de Mond gespëtzt. Elo muss gepaff ginn. Mir erwaarden eis, datt an dësen Debatte klipp a kloer gesot gëtt, wann ee net d'accord ass mat deenen Usätz, déi d'Regierung presentéiert, wou dann déi aner Niveaue sinn, op deenen een da wëllt spueren, well datt mer op iergend engem Niveau musse spueren, dat schéngt mer evident ze sinn. D'Majoritéitskoalitioun huet gesot, wou si dat wëllt maachen. Haut si mer gespaant, wat d'Oppositioun eis presentéiert, fir datt mer kënnen ofweien, ween dann elo do déi richteg Tournure fonnt huet, fir op deem richtege Moment ze spueren.

Mir wëssen allerdéngs an der Zwëschenzäit, datt op deem engen oder aneren Niveau, well d'Sozialisten eis am Virfeld matgedeelt hunn an Artikelen, op Pressekonferenzen, Communiquéen, och an der Finanzkommissioun, et déi eng oder aner Iddi bei hinne gëtt, wou ee kënnt spueren. Do ass eng éischt Iddi: d'Verteidegungsausgaben, de Militärbudget - wann een deen Term wëllt huelen -, d'Schëff an de Fliger, wou mer finanziell sollen dru participéieren, déi sollen elo mol op e Minimum an op spéider verréckelt ginn.

Här President, ech well heizou dräi Saache soen: Éischtens fannen ech et bedauerlech bei esou enger Partei, wéi der sozialistescher Partei, déi ech als eng grouss an eng seriö Partei aschätzen, an hir e bëssen onwierdeg, als alleréischte Beräich, wou soll gespuert ginn, dee Beräich erauszesichen, dee selbstverständlech an esou Zäite wéi dësen, wou et wirtschaftlech méi schlecht geet, op de Stammdëscher am Beschte floréiert. E Schëff géint e puer Fleegebetter, e Fliger géint e puer Klassesäll. Här President, dat si Saachen, déi ware mer gewinnt vun enger anerer Partei bis elo.

***(Interruptions)***

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Iwerloosst eis eis Programmatik.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Frot mol Är Kolleegen, wat se vum Schëff halen.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, wann esou séier esou haart gejaut gëtt, dann ass et ëmmer een Zeechen, datt et wéi deet. Bei eis ass et jo och d'selwecht, wa mer getraff ginn, da versiche mer och alt duerch e bëssel-chen Zauber…

***(In4terruptions)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dir sidd dat just amgaang ze maachen!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Wann et wéi deet, Här President, da gëtt et ëmmer haart.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Mir gesinn, wéi wéi et lech gedoen huet.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, mir fannen et bedauerlech, datt deen alleréischte Beräich, wou d'Sozialiste wëllen een Aschnëtt maachen, grad just deen dote Beräich ass. An dann, wat dat witzegst bei der Affär ass, Här President, mir schwätze jo hei iwwert de Budget vum Joer 2003, och am Budget vum Joer 2003 steet kee Frang…

***(Interruptions)***

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här Weiler, de Budget 2003 ass net de Problem. De Budget 2005 gëtt de Problem vun dësem Land!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Jo, mä, Här President, mir musse jo mol fir d'éischt…

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dat wësst Dir och.

***(Interruptions)***

Une voix.- Après nous le déluge.

***(Interruptions)***

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

La même voix.- Après eux le déluge!

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, et geet drëm ze wëssen, ob Aschnëtter beim Budget vum Joer 2003 musse virgeholl ginn. Ech géif éischter soen, mer musse Korrekture virhuelen. Mir wéissten awer gären, wéi eng Korrekture virgeholl solle ginn. D'Majoritéit huet Korrekture proposéiert. D'Sozialisten hunn och éischt Elementer vu Korrekture proposéiert a proposéieren eis anzespueren op engem Punkt, deen iwwerhaapt net am Budget present ass. Do soll elo ee mir erklären, wou d'Logik ass? Et ass dach do kee Punkt, wou mir fir d'Joer 2003 och nëmmen ee Frang kënnen aspueren, well en net am Budget present ass.

An dann, Här President, wëll ech an deem do Beräich op ee Leitartikel hiweisen, well den Artikel mer extra gutt gefall huet, deen de Christian Reuter am Lëtzebuerger Journal geschriwwen huet a wou en den Nol op de Kapp getraff huet, wou e gesot huet, Här President: „Nur wenn Luxemburg sich aktiv an der Friedenserhaltung, an der Verteidigung der Grundwerte und an den internationalen Solidaritätsbemühungen beteiligt, verfügen wir auf der internationalen Bühne über den nötigen Vertrauensvorschuss, um auch nationale Interessen glaubhaft vertreten zu können." An e seet derbäi, deen éischte Moment, wou eis finanziell Situatioun e klenge Schnapp kritt, d'Signal un eis Partner ze ginn, datt mer da géifen aus der internationaler Solidaritéit ausbriechen, eis international Engagementer net méi matmaachen.

Dat ass déidlech, Här President. Dat ass op jiddfer Fall net déi Politik, déi dës Majoritéit, dës Koalitioun wäert droen, well dat doten einfach net korrekt ass. Den Här Eichel, dee kee Su a kee Frang vir an hannen huet, dee ka 60 Fligere kafe goen. Lëtzebuerg, wat dat räichste Land ass, wat dee klengste verteidegungspoliteschen Effort mat 0,8% an der ganzer NATO mécht; mir, déi Räichsten, déi dee klengsten Effort maachen, mir sollen déi alleréischt sinn, déi Raute wénken an déi net méi d'accord sinn.

Här President, esou versti mir international Solidaritéit net!

***(Interruptions)***

An dann, Här Bodry, well Der mech ënnerbriecht, Dir hutt jo gesot, wa mer schonn dat dote géife maachen, da kënnte mer och nach Helikoptere kafen. Ech froe mech, wéi et mat den Helikopteren ass, ob déi och elo vun der Lëscht gestrach sinn, oder ob mer déi nach solle bäibehalen? Dozou hu mer bis elo vun de Sozialisten nach näischt héieren.

Also, Här President, beim éischte Punkt, wou soll am Budget fir 2003 gespuert ginn, maachen d'Sozialisten eng Propos, wou näischt ze spueren ass, well do, wou näischt ausgi gëtt, kann och näischt agespuert ginn.

Déi zweet Propos, Här President, vun de Sozialisten ass déi bei de Privatschoulen: Et gëtt näischt fir d'Privatschoulen. déi ze ënnerstëtzen ass eng Katastroph. Dat sollt Der sträichen.

Ech si gär d'accord, datt ee sech hei iwwerhält iwwert de Fong öffentlech Schoul - privat Schoul. Et ass eng Diskussioun, déi mer am Kader vun deem Projet, deen eis nach virläit, féiere wäerten. Mä finanziell gesinn, wann et drëm geet fir ze spueren, wëll ech lech just soen, ënnert dem Stréch gëtt eng Schoulplaz an der öffentlecher Schoul de Lëtzebuerger Stat méi deier, wéi dat eng Schoulplaz am private Beräich kascht.

***(Interruptions)***

Jo, mä esou ass et awer.

***(Interruptions)***

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här President, däerf ech dem Här Weiler eng Fro stellen?

***(Assentiment)***

Här Weiler, sidd Der dann d'accord domat, wann Der dat dote bis un d'Enn denkt, datt d'Schoulen hei zu Lëtzebuerg solle privatiséiert ginn, da géif de Stat jo Sue spueren?

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Selbstverständlech net.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Dann äntwert och dorop!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, eng drëtt Remarque ass déi, d'LSAP huet en 20-Punkte-Programm virgeluegt,…

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- 21.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- …en 21-Punkte-Programm virgeluegt. Ech muss soen, ënnert dem Stréch kann ee sech net allze vill domat kafen, mä ech hunn eng Fuerderung gelies, d'Fuerderung betreffend de Mëttelstand, dee weiderhi muss ënnerstëtzt ginn, wou muss gekuckt ginn, datt méi Driff dodra kënnt. Zur selwechter Zäit ginn d'Sozialisten e Communiqué eraus, wou se soen, datt bei dem Mindestloun déi 3,5% Augmentatioun, déi d'Regierung proposéiert, net duer geet, datt mer minimum 7% beim Mindestloun brauchen.

Ech muss lech soen, Här President, 7% Augmentatioun vum Mindestloun an där Situatioun, an där mer haut dra sinn, dat ass onerträglech fir de Mëttelstand. A wa mer dann nach eng Kéier erëm am Kontext vum Budget a vum Spuere sinn, muss een och gesinn, datt 7% Augmentatioun vum Mindestloun eng substantiell Dépense supplémentaire fir de Statsbudget mat sech bréngen an net eng Aspuerung.

Ech wëll soen, Här President, bei deenen dräi Punkten, déi ech elo opgezielt hunn, an déi eis bis haut bekannt sinn u Propositioune vu Säite vun de Kolleege Sozialisten, do ass nach net eng eenzeg Aspuerung gemaach ginn, mä ënnert dem Stréch hu mer nëmmen nach méi ausginn. Or, d'Zäit ass net déi vum Méi ausginn, d'Zäit ass déi vum Aspueren, wann net dramatesch, mä dach awer a gewëssse Proportiounen. Mir wäre frou, wa mer elo mol endlech net nëmme Propositiounen op den Dësch kriten, déi eis méi Sue kaschten, mä datt mer emol Propositiounen op den Dësch kréischen, wou a bei weem an a wéi enger Gréissenuerdnung kënnt a sollt agespuert ginn?

An dann, Här President, hunn ech een Artikel…

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dir spuert bei deene Klengsten an op eemol si keng Sue méi do!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Neen, neen, neen, ech kommen direkt dorobber.

Ech wëll just soen, Här President, am Kontext vun där neier Situatioun huet den Här Bodry een Artikel geschriwwen, wou hien iwwert déi Schönwetterkoalition sech lëschteg gemaach huet a wou en där virwerft: „…diffuses Geldverteilen, freudige Ausgabenpolitik".

An den Här Asselborn huet an engem ähnlechen Toun e bëssche méi spéit an engem Interview gesot: D'Regierung geet net selektiv genuch vir. Wa mir do gewiescht wären, mir hätte besser opgepasst bei Ausgaben, déi „jedes Jahr wiederkehren".

Ech wëll lech, Här President, dräi Wierder dozou soen. Éischtens, zum „diffusen Geld verteilen": Ech weess net, wat dat ass. Ech hätt emol gären, wann den Här Bodry eis hei géif soen- am Laf vun deenen nächste Stonnen an Deeg, wäert hie jo d'Méiglechkeet hunn -, wou dës Regierung diffus Geld verdeelt huet? Ech ka mech bis elo just drun erënneren, datt eng Kéier Geld diffus verdeelt ginn ass. Dat war an der leschter Koalitioun, an

dat huet iergendwann zum Récktrëtt vun iergendengem Minister gefouert.

***(Hilarité)***

Do war esou en diffust Geldverteilen, wat een net richteg matkritt huet. Bei dëser Koalitioun hunn ech et nach net gesinn, mä ech sinn awer gäre bereet et unzehuelen, wann et esou ass. Mä da soll ee mir konkret soe bei wéi engem Punkt, datt dat de Fall ass.

***(Interruptions diverses)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Bei de Comptes bloqués.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- „Freudige Ausgabenpolitik!"

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Oh, wat sidd Dir Lëschteger!

M. Lucien Weiler *(CSV).*- „Freudige Ausgabenpolitik" hätt dës Regierung gemaach?

Här President, wéi d'Koalitioun vun de Sozialisten an der CSV 1999 opgehalen huet, hat se ronn 70 Milliarde Reserven an de Fongen. Mir hunn haut praktesch 120 Milliarden al Frangen. Wa mir déi „freudige Ausgabenpolitik" getätegt hätten, vun där den Här Bodry geschriwwen huet, Här President, da wier déi Situatioun net déi, déi mir haut hunn. Mir hu keng „freudige Ausgabenpolitik" gemaach. Mir hätte villes kënne maache mat deene 40 Milliarden oder méi wéi 40 Milliarden, déi mir an der Zwëschenzäit supplémentaire an de Reserven hunn. Mir hunn et net gemaach, well mir dat gemaach hunnn, wat de Budgetsminister ëmmer ugemahnt huet: Et gëtt hei en anstännegen Apel fir déi Zäite vum Duusch ugeluegt. Elo kommen d'Zäite vum Duuscht an elo gebrauche mir dem Här Frieden säin Apel.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- E Budget, deen an engem Joer ëm 10% wiisst, dat ass eng freudige Ausgabenpolitik.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, den Här Bodry versicht ëmmer hei...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- De Budget vun 2002 ass ëm méi wéi 10% gewuess.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Jo, deen ass selbstverständlech gewuess, mä deen ass awer och gewuess, Här President, opgrond vu villen Demanden, déi virlongen, an déi de Sozialisten a ville Punkten ni duergaange sinn.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Mat engem Prozent Wuesstum.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ech komme gläich nach dorop zréck.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- De Gros ass an Investitiounsfonge gaang, Här Bodry, vun deem Joer.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Net nëmmen.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- De Gros ass doranner gaang, an duerfir ass déi Progressioun do esou.

***(Interruptions diverses)***

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Jo, d'Dotatioune vun de Fongen, Här President, sinn, wéi den Här Minister Frieden dat richteg seet, zu engem groussen Deel net nëmmen iwwert d'Gesetz vun de Plus-valuen, mä och iwwert d'Speisung direkt aus dem Budget gemaach ginn, wou déi dote Progressioun mat dra kënnt.

Da soen ech lech, wann et freudige Ausgabenpolitik gewiescht wär, loosse mir emol nach dovunner ausgoen et wier esou gewiescht, Här President, ma do waren d'Sozialisten awer ëmmer dobäi. Déi hunn dach hei all Gesetz mat gestëmmt, wou mir Ausgabe virgesinn haten. Bei all Projet, dee mir hei gestëmmt hunn a wou et drëm gaang ass, fir Geld, sief et iwwert de Wee vum Kannergeld oder iwwer aner Weeër, ze verdeelen, hunn d'Sozialiste mat gestëmmt. Et ware Punkten dobäi, wou déi „freudige Ausgabenpolitik" vun dëser Regierung de Sozialisten iwwerhaapt net duergaangen ass, wou si vill méi wäit gaange sinn a wollte goen, wéi mir. Mir kënnen dat jo alles noliesen. Mir kennen et aus de Motiounen, de Rieden an den Interventioune vun de Sozialisten, Här President. Dofir kann een awer net higoen, an dëser Regierung „freudige Ausgabenpolitik" virwerfen, wann een zur selwechter Zäit hei Fuerderunge stellt, déi de loin méi wäit ginn.

Ech wëll emol soen, Här President: Wa mir, wéi mir d'Steierreformen an d'Steierreduktioune gemaach hunn, déi Proposë gemaach hätten, déi d'Sozialisten gemaach hunn, dann hätte mir vill méi Begléckungspolitik gemaach, well hir Propose vill méi wäit gaange sinn.

***(Interruption)***

Dach, Här Asselborn, Dir braucht dat elo net ofzestreiden.

***(Interruption)***

Mir maachen de Bilan ënnert dem Strëch: op där enger Säit d'Privatpersounen an op där anerer Säit d'Betriber. Dat, wat d'Koalitioun proposéiert huet a wat d'Koalitioun gestëmmt huet. An da kucke mir op där anerer Säit dat vun de Sozialisten. Da wäert Dir gesinn, datt mir eng Milliardendifferenz an al Lëtzebuerger Frangen an deene Propose fannen.

Dann huelen ech d'Wunnéngsbaupolitik, d'Unterrichtspolitik, den Environnement, d'Ënnerstëtzung fir d'Gemengen an d'Personalfuerderunge vun de Sozialisten an deene leschten dräi Joer, wéi se hei virbruecht gi sinn. Wann Dir dat zesummerechent, Här President, kommt Dir op e Milliarde-Chiffer. Eis Problemer, déi mir haut hätten, budgetsméisseg a finanziell gesinn, wären de loin méi grav wéi déi, déi mir haut kennen, wa mir an deene leschten dräi Joer alles dat gemaach hätten, wat ëmmer erëm vu Säite vun de Sozialiste gefuerdert ginn ass, mat Ausnahm wéi den Här Asselborn ugemahnt huet, mir wäre méi selektiv virgaangen.

Selektiv, dat ass ganz schéin, mä ech géif gäre Beispiller do wëssen. Ech kennen een eenzegt Beispill, Här President, wou d'Sozialisten effektiv méi eng selektiv Propos maachen, an dat ass déi bei der Steierbonifikatioun fir Kanner. Do huet dës Koalitioun opgehale mat dem Ofbaue vun där par rapport zu deem, wat mir an der leschter Koalitioun gemaach hunn. Dat ass awer déi eenzeg selektiv Mesure. Bei allen anere Mesuren kennen ech keng eenzeg vun deenen, déi d'Sozialisten a Form vu Propositions de loi an deene leschte Joren hei am Parlament abruecht hunn, wou eng Selektivitéit an dem Sënn, wéi den Här Asselborn se ugemahnt huet, dra gewiescht wär.

An der leschter Koalitioun hate mir eng Rei vu Méiglechkeeten, wou mir an der Sozialpolitik hätte ganz einfach kënne méi selektiv virgoen, wéi d'Sozialisten am Sozialministère d'Responsabilitéit gedroen hunn, a wou d'Wuert Selektivitéit ëmmer ganz kleng geschriwwe ginn ass. Ech muss soen: Mir hunn dat ëmmer mat gedroen, an ech gesinn et haut nach als ganz schwiereg un, fir an de Froe vun notamment der Sozialpolitik, selektiv Mesuren ze ergräifen, obschonns se ganz oft méi gerecht wären. Mä et ass ganz schwiereg am politesche Beräich dat duerchzesetzen. Dofir wier ech frou, Här President, wann een net op där enger Säit en offizielle Sproochgebrauch huet an Argumenter an d'Feld féiert, an op där anerer Säit net deementspriechend handelt.

Här President, dës Koalitioun huet, denken ech, mat dësem Budget Faarf bekannt. Mir hu méi wéi kosmetesch Korrekture gemaach. Mir gi kritiséiert. Elo wéisste mir gäre vun deenen, déi eis kritiséieren, firwat datt dat, wat mir proposéieren, falsch ass a wat dann hätt sollen a missten op wéi enger Plaz, wéi vill a bei wiem anescht gemaach ginn? Mir wäerte mat vill Freed eis an deenen nächsten Deeg déi Proposen hei unhéieren. Mir si jo eng tolerant Majoritéit, déi ëmmer bereet ass, fir gutt Proposen unzehuelen, a mir wäerten eis dofir dat, wou effikass gespuert gi kann, ganz genee ukucken a gegebenenfalls le moment venu dorobber zréckkommen.

***(Interruption)***

Här President, et wär elo nach villes ze soen, zum Beispill un d'Kolleegen vum ADR, déi jo och eng Rei Propose gemaach hunn, mä ech wëll mir dat emol fir haut erspueren.

Ech wëll just soen, Här President, datt d'Wirtschafts- an d'Finanzschwieregkeeten, déi mir de Moment hunn, Reaktioune bedéngt hunn. Reaktioune si komm. Et ass net, wéi eis den Här Bausch am Lëtzebuerger Land an engem Artikel ënnerstallt huet, datt d'Regierung d'Enkpäss op spéider géif verschieben. Budgetär gesinn, Här President, si mir sécher, datt d'Äntwert, déi d'Regierung an dësem Budget ginn huet, déi richteg Äntwert ass op d'Situatioun, esou wéi mir se am Hierscht 2002 kennen. Ob um Enn vum nächste Joer sech weider Äntwerten an aner Äntwerten opdränge wéi déi, déi d'Regierung elo opgrond vun dëser Situatioun ginn huet, musse mir da gesinn. Alles zu senger Zäit.

Eent steet fest: All Regierung, déi konfrontéiert ass mat enger wirtschaftlecher Réckbildung wéi déi, déi mir de Moment kennen, huet eng Rei vu Méiglechkeeten. Et sinn déi klassesch Méiglechkeeten, déi ëmmer bei Situatioune geholl ginn, wann et an der Wirtschaft schlecht geet: D'Steiere fir d'Privatleit erof, dat reegt de Konsum un. D'Steiere fir d'Betriber erop, dat reegt d'Investitiounen un. Öffentlech Investitiounen an d'Luucht, dat ass, fir der Wirtschaft ënnert d'Äerm ze gräifen.

Mä, Här President, all déi doten dräi Politikberäicher si geschitt. Dës Regierung huet déi am Virfeld gemaach, vläicht well si et gesinn hat, net ëmmer well si et gesinn hat, mä ëmmerhin si se gemaach ginn. D'wirtschaftlech Effikassitéit ass an d'Weeër geleet ginn. Déi sozial Sensibilitéit, Här President, bleift: Mindestloun, RMG a Renten. Alles dat, wat mir eis virgeholl haten, gëtt duerchgezunn. Et kann net sinn an enger Zäit, wou mir Steierreforme maachen a wou déi Leit, déi Steieren bezuelen dovunner kënne profitéieren, an datt dann, wann et méi schlecht geet, déi Leit, déi net esou vill hunn, net sollten an de Genoss komme vun deem, wat hinnen zousteet. Dat maache mir.

Ech hu virdru gesot, Här President, datt wann d'nächst Joer ëm dës Zäit d'Situatioun sech stabiliséiert huet, mir deementspriechend e Budget presentéiere wäerten. Wann dat net de Fall sollt sinn, da wäerte mir wëssen ze reagéieren. D'Europäesch Kommissioun, d'OECD an de Statec soen eng Reprise fir d'zweet Semester vum nächste Joer viraus, mä déi Prognose si keng Garantie. Dat hu mir elo geléiert. 2001 an 2002 haten si et och gesot. Mir hu keng Garantie, datt et 2003 sollt dann esou goen. A wann nach aner Elementer dobäi kommen, wann déi wirtschaftlech Réckbildung sech sollt virusetzen, wann et Krich, zum Beispill, am Irak géif ginn, wann et e Pëtrolsschock géif ginn, da stelle sech ganz aner Froen, an dann ass et ganz sécher, datt et net onbedéngt zu där Reprise kann a soll kommen, oder muss kommen, déi eis virausgesot gëtt.

Wann et dann esou sollt kommen, Här President, d'nächst Joer, datt dat alles sech net sollt astellen, a wann et dann esou wäit sollt sinn, datt méi drastesch Aschnëtter am Budget musse virgeholl ginn, Här President, da steet villes zur Diskussioun. Da wäerten et vill Beräicher ginn, iwwert déi mir hei diskutéiere wäerten. Ech denken emol, datt mir da bei eis selwer, bei der Chamber, bei den Deputéierten ufänke wäerten ze iwwerleeën, wat mir maache sollen, an net emol fir d'éischt erëm bei déi aner kucke goen, mä emol bei eis selwer ufänken.

***(Interruption)***

Neen, Här President, dat wäerte mer gesinn.

***(Interruptions diverses)***

Mir hunn als Chamber e Budget presentéiert, dat wëssen d'Kolleegen heibanne ganz genau, mat deem ech streckeweis, notamment wat e ganze Koup vun Acquisitiounen am Beräich vun der Informatik ugeet, déi ganz vill Geld kaschten, net d'accord war. Ech kann dat och öffentlech soen. Dat ass esou, well ech einfach fannen, datt et och Zäite gëtt, wou mir musse wëssen, wat mer kënnen, wat mer sollen an net däerfen.

Dës Koalitioun, Här President, wäert net, esou wéi et hir schonn ënnerstallt ginn ass, mat alle Mëttele versichen iwwert de Wahltermin eraus ze kommen. Mir wäerte virun de Wahlen, Här President, d'Kaarten op den Dësch leeën, esou wéi mer se kennen. Mir wäerte virun de Wahlen déi Mesuren huelen, déi noutwendeg sinn op Grond vun der Situatioun, déi mer d'nächst Joer den Hierscht kennen. A wann dat sollten och onpopulär Moossname sinn, da gi se geholl.

***(Interruptions diverses)***

Et kënnt ganz sécher keng Steiererhéijung, an dat aus gudden Ursaachen. Mä et kommen awer déi Mesuren, déi noutwendeg sinn, wa mer wëssen, wéi d'Situatioun um Enn vum nächste Joer wäert sinn. Här President, d'Leit dobaussen ...

***(Interruption)***

Här President, ech kann dem Här Gibéryen ee Moment meng Plaz ginn.

M. le Président.- Fuert Dir roueg virun, Här Weiler, a loosst lech net vum Här Gibéryen provozéieren.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, mir wäerte vrun de Wahle soen, wat mer fir noutwendeg fannen, a mir wäerte vrun de Wahlen dat maachen, wat noutwendeg ass. Mir wäerten net enger nächster Koalitioun....

***(Interruption)***

Mir wäerte dat och esou maachen, mä dat muss een ëmmer erëm widderhuelen, Här Asselborn, well d'Leit bei lech net ëmmer ganz gutt héieren, an ëmmer erëm de Géigendeel vun deem behaapten, wat hei op der Tribün gesot ginn ass.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Dir probéiert lech selwer ze iwwerzeegen

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ech well lech soen, Här President, d'Leit dobausse wëssen ze appréciéieren. Déi kënne ganz gutt gesinn, an déi appréciéieren och de Moment, datt d'Land finanziell esou preparéiert ass op déi Schwieregkeeten, déi mer de Moment hunn, wéi et effektiv preparéiert ass. An et wonnert mech, Här President, datt den Här Lux elo laaacht, well bei där Preparatioun, déi gemaach ginn ass op dës Situatioun, waren d'Sozialisten jo laang Zäit dobäi. Dofir froen ech mech, firwat datt den Här Lux dat esou lächerlech fënnt.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här Weiler, wann ee kuckt, wéi d'Leit reagéieren, da schénge se lech net vill ze gleewen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Op där anerer Säit hunn d'Leit och ganz vill Versteesdemech, wann et méi lues geet, Här President, wann et méi rau a méi spatz gëtt, datt da muss méi lues getrëppelt ginn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Kee vun eis wënscht, datt et soll esou kommen. Villes deit drop hin, datt et net esou kënnt, mä egal wéi et kënnt, wa mer zesumme stinn, wa mer solidaresch an dëser Gesellschaft mateneen ëmginn, da wäerte mer och dat packen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Weiler konnt wierklech der Tentatioun net widderstoen, während de Statsminister nach eng roueg Ried gehalen huet, hei eng Polemik vum Stapel ze loossen, déi ech an där Form net ka stoe loossen.

Hei de Moralapostel ze spillen, woubäi seng Partei besser hätt an d'Geschicht, a mir hunn dat gemaach. Mir hunn an eis Geschicht gekuckt, wat alles war, a mir hunn lech et gezielt déi leschte Kéier, leschte Freideg. Dir hätt besser Dir géift kucken, wat zwëschent 74 an 79 Är Partei, erausragend Politiker anscheinend aus ärer Partei, gesot huet. Kuckt emol eng Kéier no - e Fach wat Dir jo kennt -, wat Är Leit iwwert d'Justiz, iwwert de Justizvollzuch vum Robert Krieps, zum Avortement gesot hunn. Dat ass indigne. Ech ginn op alle Fall net hin, an erzielen lech dat nach eng Kéier, well et géing wéi doen.

Wann Dir Problemer hutt mat Bezeechnungen, ech hunn der domat och. Ech hu Problemer mat Bezeechnungen, déi Dir vis-à-vis vu mir gebraucht hutt, déi ech ni vis-à-vis vun lech gebraucht hätt. An ech wëllt lech just dorop hiweisen, wann Dir Moralapostel sidd, da passt op, datt Dir selwer net deenen aneren op emol noleet, si hätten iergend eng mat engem Seegel krut. Dat war net dat, wat gefrot gouf. Hei am Land ass och keen deen d'Impressioun huet, ech hätt eng mam Seegel krut. Mä dat hutt Dir jo gemengt, dat misst Dir soen. Mä et ass den Déphasage, deen Dir hutt, Här Weiler, Dir an Är Partei, mat de Realitéiten.

Dir hutt scheinbar, bei deem wat Dir haut erzielt hutt, kee Gefill fir d'Froe vun de Bierger. Dir mengt, hei wier Zodi veranstalt ginn, wa Leit aus der Oppositioun hi ginn a Saachen dénoncéieren, esou wéi se ofgelaf sinn, wa se hi ginn an dem Land och emol eng Rei Wourechte soen, wa se aginn op dat, wat eng Rei Bierger festgestallt hunn. D'Titele vun den Zeitungen, déi huet jo net d'Oppositiounspartei gemaach, an Titelen op Radio an Televisioun och net. Déi hunn eng Stëmmung mat sech bruecht, wou ee muss eng Äntwert drop ginn, wou ee muss drop agoen. D'Noriichten aus dem Ausland op déi hei schonn ugespillt ginn ass, hunn och hir Incidenten hei gehat, an et ass jo awer net, wéi wann näischt geschitt wär bei eise Statsfinanzen. Et mengt een awer, grad hei wär näischt geschitt.

Um Aarbechtsmaart, wou mir op emol déi gréisste Steigerung an Europa hunn, ass dat näischt? Ass et näischt, wou een ufänkt doriwwer ze schwätzen, ass et näischt, wa mir am Wirtschaftswuesstum, wou mir ëmmer Spëtzereider waren, elo op emol déi allerlescht sinn? Ass et näischt, wa mir eng Rekordzuel vu Failliten hunn? Ass et näischt, wa mir an der Fro vun der Steierharmoniséierung ganz eescht Momenter hunn?

Dat si scho Sujeten déi ee kann uschwätzen. Dat si Sujeten, déi dëst Land beschäftegen a seng Bierger, an ech verwiere mech, datt Dir der Oppositioun wëllt gleewen dinn, mir dierften esou Sujeten net hei uschwätzen, och wa se Iech net passen. Ech gleewen, datt Dir Iech méi à l'aise fillt, wann Dir kënnt schwätzen, wat am Joer 2050 hei an engem Konvent soll organiséiert ginn. Déi Impressioun hunn ech. Datt dat Iech méi à l'aise mécht, wéi wa mir mussen am Joer 2002 schwätzen, wat am Joer 2001 geschitt ass.

Här Weiler déi Polemik do war net noutwenneg, déi Dir hei entfacht hutt, déi steet och net op mengem Ziedel, mä wann Dir se gären hätt, da kritt Dir se. Ech soen Iech et. Dir hutt de Vertrauensbroch hei an der Gesellschaft provozéiert, wann Dir esou virgitt, wéi Dir haut virgaange sidd, der Oppositioun just wëlle Schwaarzmolerei dohinner ze maachen. Dir wëllt sécher de Leit d'Wouerecht net soen.

Ech muss Iech soen, de Moment vun der Wouerecht ass nämlech komm an och dee vun dem Primat vun der Politik, deen ass komm. An haut wäerte mir gesinn, datt et effektiv Ënnerscheeder gëtt. Här Weiler, ech hunn Iech ganz andächteg nogelauschtert an d'Prioritéiten, déi ech Iech herno wäert opzielen, do sinn der effektiv wahrscheinlech derbäi, déi Iech net esou interesséieren.

Une voix.- Wéi nervös gëtt den Här Weiler?

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Den Här Asselborn huet als Reaktioun gesot, dee Budget hei ass platt. Wat ass en ausgelaacht gi vun Iech. Wat huet den Här Wiseler probéiert, och an Artikelen, doriwwer ze schwätzen, dat riicht ze béien. Ma anscheinend hat e Recht. Wat liesen ech an der Revue? Wat seet den Emile Calmes, Rapporteur vun dësem Budget? „Wäre die wirtschaftliche Entwicklung weiterhin normal verlaufen, hätte der Haushalt für 2003 keinen Pepp und wenig Höhepunkte gehabt.

Dat ass also dee ganze Brimborium an Zirkus gewiescht, deen op eemol am August vun Iech lassgeklappt ginn ass, wéi mer gesot hunn, et ass net vill ze rafen an deem Budget hei.

De Budgetsrapporteur huet, mat enger Ausnam, op déi ech nach zréckkommen, eng zolidd a propper Aarbecht gemaach. Eis Fraktioun huet him dat bei Geleeënheet vun der Adoptioun, déi mer net virgeholl hu vun eiser Säit, ze verstoe ginn. Hie war schlecht drun, fir eng Rei Reformakzenter do erauszefannen an huet sech herno misse ploe mat Zuelen, déi em manner Spaass gemaach hunn. Mä d'Zuelen, déi nun eben um Dësch leien, hu vill Diskussioune provozéiert.

De Statsminister huet gemengt, et wier nëmmen e Sickerbrand gewiescht. Den Här Weiler huet gemengt, do wou et dämmt wier awer nach kee Feier. Dat ass ganz nei fir mech. Mä enfin, do wou e Sickerbrand ass, muss ech soen, an et dämmt, do gëtt et och Mechanismen, do gëtt et haut Instrumenter, déi esou e Sickerbrand feststellen an déi dann en Alarm déclenchéieren.

***(Interruption)***

Et ginn Detektoren, duerfir brauch ee keen Internet. Ech ginn awer op Är Internet- Interventioun nach an.

Ech muss soen, dat wat awer geschitt ass, dat ass, datt d'Detektoren net gespillt hunn, wëll se net do waren, net op där Plaz ware wou se hätte solle sinn, a wéi du bis de Sickerbrand, wann et da soll nëmmen e Sickerbrand sinn, festgestallt ginn ass, dunn huet d'Regierung d'ganz Arelerstroos, d'Kasär eidel getrootert an huet se alleguerte geruff. D'Regierung ass hei um falsche Fouss erwëscht ginn. A wann ech soen, „gouverner, c'est prévoir", dann huet dat net eppes mat de Reserven ze dinn, zu deene mer ëmmer stongen, Här Weiler. Mir hu jo näischt dergéint gesot, datt Reserve géingen ugeluegt ginn, mä mir hunn eppes dergéint gesot, datt et d'Aart a Weiss ass, wéi op emol déclenchéiert Nouvellen iwwert d'Land geprasselt sinn, net verstänneg waren, well domat sinn Är Lobeshymnen op eng klug an eng kompetent Finanzpolitik an deene leschte Joren dohin, iwwert déi Aart a Weiss wéi dat erofgaangen ass.

Kommt mir kucken emol d'Ried vum Budgetsminister nach eng Kéier, well et gëtt ee jo gemooss un deem, wat een ëmmer déi Jore virdrun erzielt huet. De Budgetsminister am Dezember 2001 iwwert de Budget 2002:

„D'Regierung huet dofir gemengt, wéi se d'Amendementer fir 2002 diskutéiert huet, datt ee kënnt ouni zevill Risiko bei enger Previsioun vum Wirtschaftswuesstem vun 6 % bleiwen".

Wann ee bedenkt, wou mir haut dru sinn. Mir hei an der Chamber hu jo déi Instrumenter net, fir dat do nozevollzéien. D'Regierung huet se, an ech kommen herno ganz genau op déi Instrumenter zréck. Ech iwerloossen Iech et festzestellen, wou dann déi besonnen Hand soll sinn.

An e seet dann hannendrun: „Dat ass d'Konscht vun der Budgetspolitik. Mir hunn d'Ausféierung vum Budget och strikt gemaach, well et kann een net nëmmen e Budget virleeën an dann herno kënnt eppes aneschtes eraus".

Or, précisément, dat ass dat wat geschitt ass. Wann ee sech dat Joer virdrun dat do als Lat dohinner leet, da gëtt een och un där Lat gemooss.

Sécherlech ass et net d'Schold vun der Regierung, datt mer haut déi Situatioun an där Form hunn. Dat hunn ech nach ni behaapt, dat wäert ech och haut net behaapten. Mä wann den Här Frieden am selwechten Otemzuch seet: „Kënne mir de Wuesstem steieren an engem gewësse Mooss? Jo, wann et eisem Land esou gutt geet, dann ass dat d'Resultat vun enger Politik." Abbee, wann ee sech dat Positiivt zouschreift, dann deet et mir Leed, dann ass een och responsabel fir dat Negatiivt. Dat heescht, wa mer an eng bal rezessiv Phas - wéi de Statsminister dat nennt - erakommen, dann ass et normal, dass een de Spigel virgehale kritt fir dat, wat ee virdrun dauernd behaapt huet. Et sinn d'Usprécher, déi ee gestallt huet, un deenen een herno gemooss gëtt, Här Budgetsminister. Dir hutt dat oft genuch an Äre Riede widderholl. Dir kënnt net nëmme responsabel sinn, wann et dem Land gutt geet, mä Dir musst och responsabel sinn, oder Dir hätt missten e bësse méi bescheide sinn, wann et dem Land ee Moment méi schlecht geet.

De STATEC huet seng Zuele revidéiert - an ech kommen herno drop zréck -, sou datt mer, op eemol, zréckgekuckt op 2001 vu 6% bei 1% sinn. Mir sinn am Joer 2002 a scho relativ wäit fortgeschratt. Mä wat heescht dat da fir 2003? Nach nom Ministerrot, ech mengen et war den 6. Oktoberr, seet de Statsminister - ech kann en net wuertwiertlech zitéieren, ech war net dobäi, ech kann nëmmen d'Lëtzebuerger Wort zitéieren: „Haushaltspolitisch bedürfe es keiner Kurskorrektur, indem er ausdrücklich an den von der Regierung bei der Budgetaufstellung berücksichtigten Prognosen festhielt." Do ware mer awer schonn de 6. Oktober. D'Fro, wéi ass et dann ze erklären, dass ee bei engem Wirtschaftswuesstum, deen ee feststelle kann an deem Joer virdrun, a wouvun ee jo am Fong geholl lieft, wann een haaptsächlech d'Recettë kuckt, wéi ass et da méiglech, dass millimetergenau,…

***(Interruption)***

…dräi Stellen hannert dem Komma, Här Weiler, bei engem Wuesstum vun 1% a bei engem vun 3,8%, nach ëmmer genau deeselwechte Budget soll opgoen?

Dunn ass Hektik a Panik opkomm, an zwar Mëtt November. An dozou stinn ech, a wann do eng Oppositioun net reagéiert hätt, da muss ech soen, da wär se schlecht berode gewiescht. Well d'Fro, déi ech mer stellen, ass, firwat datt mer net e Mount virdru reagéiert hunn, wéi mer d'Zuelen um Dësch haten. Well mer eng responsabel Haltung ageholl hunn, a mir hunn net deen Tralala veranstallt, deen op eemol veranstallt ginn ass.

Dunn ass d'Cofibu zesumme geruff ginn. D'Kommissioun vun de Finanzen a vum Budget ass d'urgence, vun engem Dag op deen aneren, zesumme geruff ginn. Mä déi Chiffere louchen du scho längst um Dësch.

Et ass eng Pressekonferenz vum Budgetsminister ageruff ginn, an et huet ee sech gefrot, firwat? Eng Tripartite huet just virdru getaagt.

***(Interruption)***

Jiddereen huet sech d'Fro gestallt, wéi ass et méiglech? E Kriseninstrument gëtt zu dësem Zäitpunkt zesumme geruff an Iwwerreaktioune kommen. Alles gëtt d'urgence ageruff.

Ech hu wierklech geduecht, an de Statsminister hat esouguer mat mer Rieds, elo géingen nei Zuelen op den Dësch kommen. Et waren awer déi Zuelen, déi mir um Dësch haten.

Mir hunn eis als Oppositioun déi Zuelen ugekuckt. An Dir wäert mir jo net verwieren, well ech hunn aktiv an där Sitzung matgeschwat, well et war nämlech iwwert d'Steieren an déi indirekt Steieren. Dat ass jo liicht nozeliesen an de Berichter vun der Finanzkommissioun, wien iwwerhaapt eppes dozou gesot huet. Ech war et garantéiert an den Här Bodry och.

De Wirtschaftsminister as dohinner komm an et huet ee geduecht, elo géing en nei Saache soen. Och näischt Neies, nëmmen Zuelen, déi largement scho bekannt waren.

Keng Diskussioun ass gefouert ginn iwwert d'Budgetsreserv en rapport beispillsweis mat deem, wat an de Fonge méi un Dépensë virgesinn ass. De Méi un Dépensen ass jo annerhallef mol esou vill, wéi mir iwwerhaapt Budgetsreserven hunn an engem Joer.

Et ass keng Diskussioun gefouert ginn iwwert den en cours, dee mer de Moment hunn, deen iwwert 200 Milliarden duerstellt, deen en cours, dee festzestellen ass.

Et ass keng Rieds gaangen - eréischt Deeg duerno hu mer driwwer geschwat -, wat dann am Pluriannuellen tëschent 2003 an 2006 virgesinn ass. Do hu mer en Ënnerscheed vu méi wéi zwou Milliarden Euro tëschent deem, wat un Aspeisunge virgesinn ass, an tëschent deem wat un Dépensë virgesinn ass.

Mir hunn e kale Kapp behalen als Oppositioun. Mir hunn dat Wuert Kris net gebraucht, mir hunn dat Wuert Rezessioun net gebraucht. Mir sinn net higaangen an hunn eng Pressekonferenz iwwert déi Chifferen do gemaach. Mir hunn eis awer eescht Gedanken driwwer gemaach, mä mir hunn de Kapp gerëselt, wéi mer festgestallt hunn, dass op eemol Pressekonferenze vu Säite vun der Regierung ageruff gi sinn, fir Saachen, déi e Mount um Dësch louchen. Wat ass dann an deem Mount geschitt, wou Funkstille war, wou näischt komm ass vu Säite vun der Regierung? Entweder huet d'Verwaltung déi Zuelen net weiderginn, oder d'Regierung huet déi Zuelen net zur Kenntnis geholl. Eppes anescht kann et net sinn, datt deen Aktionismus op eemol komm ass.

Et war keng Rieds méi vun där roueger Hand, vun där Dir esou gär schwätzt, ouni Panik an Hektik, wéi een et hätt misste maachen.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, et ass net korrekt, wat den Här Krecké hei mécht. Ech hunn him deen Dag ier d'Finanzkommissioun ageruff ginn ass gesot an der Conférence des Présidents, d'Regierung hätt gefrot, well d'Tripartite elo getaagt hätt, a well se net wéilt, datt d'Chamber eréischt aacht Deeg méi spéit géif informéiert ginn, fir kuerzfristeg eng Finanzkommissioun ze maachen, fir mat eis déi lescht Chifferen, déi si zur Verfügung hätt - a mir hate se net alleguerten am Virfeld, nämlech déi vun den direkte Steieren hate mer net -, fir eis déi Freides an d' Kommissioun duerleeën ze kommen.

Den Här Krecké wousst, datt dat d'Ursaach wär. Do war näischt vu Panik, et war just, fir datt d'Parlament sollt zur selwechter Zäit wéi d'Tripartite informéiert ginn, datt do keen Décalage wär. Dovunner war Der informéiert, a wann Der dat elo dohinner stellt, wéi wann dat eppes Urgentes gewiescht wär, wat do dramatesch zesummegetrommelt gi wär, dann ass dat vun Ärer Säit net korrekt.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här President, ech muss hei ganz kloer an däitlech soen, datt dat wat den Här Weiler elo - ech hunn e jo net ënnerbrach, mä et kacht bal a mer - gesot huet, grondfalsch ass. Ech soen Iech, datt vun 268 Milliounen Euro mer der 257 woussten, an datt mer déi an den direkte Steieren absolut woussten. Deen eenzegen Ënnerscheed, deen nach war an de Chifferen, ass dee vun der TVA, vun 20 op 28 Milliarden. Dat ass deen eenzege Chiffer, Här Weiler, ech kann Iech dat noweise mam Print vun de Steieren. Et ass grondfalsch, wat Der erzielt hutt an et ass och richteg, datt ech an déi Sitzung gaange sinn, well ech geduecht hunn, mir géifen nei Chiffere kréien, mä mir hu keng nei krut. Et war guer keng Noutwendegkeet, fir virun der Tripartite eis iwwer eppes ze informéieren.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Dat doten ass awer e Witz. Dir hutt ëmmer reprochéiert, datt d'Tripartite géif informéiert ginn an elo sot Der just de Contraire.

***(Brouhaha général)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Ech widderhuelen nach eng Kéier Här Weiler, et ass net noutwendeg, eis ze informéieren iwwer Chifferen, déi ee Mount al sinn. Ech soen Iech et nach eng Kéier, wann Der et wëllt hunn.

M. le Président.- Den Här Statsminister freet d'Wuert. Sidd Der d'accord, Här Krecké? Hie stellt Iech gär eng Fro.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Ech hunn dem Här Statsminister nach nie eppes verwiert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Här President, ech wëll dem Här Krecké just soen, dass et keen Zoufall ass, dass d'Tripartite op engem bestëmmten Datum zesumme komm ass. D'Tripartite ass zesumme komm deen Dag nodeem d'Kommissioun hir Hierschtprognose fir d'Wirtschaftsentwécklung vun de Joren 2002, 2003 an 2004 sollt virleeën.

Richteg ass et, dass d'Verwaltunge virdru schonn hei an der Chamber eng Rei vun Donnéeë ginn haten. Richteg ass et awer och, dass d'Ministeren am Parlament zu deenen Donnéeën nach net Stellung geholl haten, a richteg ass et, dass mir hu mussen d'Hierschtprognose vun der Kommissioun ofwaarden, fir se am Liicht vun der Evolutioun, déi mer am Laf vum Joer 2002 festgestallt hunn, kënnen a geballter Form am Parlament ze kommentéieren.

Do kann ech keng Form vun Hektik a vu Panik gesinn, mä eigentlech ee vun Iech normalerweis a senger mangelhaft erscheinender Form optriedende Respekt virum Parlament. Wann et esou ass, dass d'Parlament net wëllt iwwert dat informéiert ginn, wat souwisou an d'Zeitung kënnt, an net wëllt d'Ministeren héieren an hire Stellungnahmen zu deenen Donnéeën, déi virleien, da muss ee mer dat matdeelen. Dat wier zäitspuerend.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här Statsminister, ech gestinn Iech gären zou, dass Der net kënnt wëssen, wéi déi Réunioun ofgelaf ass, well Der net dobäi waart.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Ech hunn awer de Procès-verbal gelies.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Jo, ech widderhuelen Iech et. Da kuckt déi Procès-verbaux vun deene Sitzunge virdrun, da gesi Der, dass mer souwuel vum Wirtschaftminister genau déi Zuele genannt kruten, déi de STATEC eis just virdru ginn huet, wéi vum Budgetsminister genau déi Zuele genannt krutt hunn, déi d'Administratioun eis geliwwert huet. Ech wollt et net soen, mä ech wëll Iech et awer elo soen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Et ass jo drëm gaangen, wat fir eng Reaktiounen, dass d'Regierung géif op Grond vu deenen Zuelen entwéckelen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här Statsminister, just fir Iech ze weisen - ech wollt dat do net soen, wéi déconcertéiert awer trotzdeem d'Regierung do gewierkt huet. Den Här Budgetsminister huet eis wëlle kloer maachen a sot an engem ganz eeschten Toun: Soll ech Iech weisen, wéi déi Zuelen do vun Dag zu Dag änneren? Wéi d'Administratiounen hei waren, hat der deen an dee Chiffer, an elo ass de Chiffer deen an deen. Wëst Der wat et war? Dee Mount virdrun hate mer e schonn. Et ass nämlech op de Frang genau dee Chiffer gewiescht, dee mir schonn e Mount virdrun haten. Hie wollt eis gleewen dinn, en hätt do en neie Chiffer, an hie wousst net, dass mir e schonn e Mount haten. Ech wollt dat do net soen, mä wann Der et gären héiert, da soen ech Iech et. An dat huet mech rose gemaach.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Mä wa mer Iech domat eng Freed maachen, da maache mer all Dag eng Finanzkommissioun. Da konfrontéiere mer Iech all Dag mat deene variéierende Chifferen, déi d'Verwaltung matdeelt.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här Statsminister, et deet mer Leed, an dësem Fall war et net esou.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Jo, mä d'Chifferen ännere wierklech all Dag.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Net bei deenen, déi Der eis geliwwert hutt. Et deet eis Leed, déi waren e Mount al.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Mä wa mer dat agesat hätten, wat Dir lescht d'Joer proposéiert hat, da géife se wesentlech méi no ënne variéieren, wéi se dat de Moment maachen.

***(Interruptions diverses)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Also fir mech ass dat do ...

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Ech bleiwe bei de Procès-verbaux vun de Kommissiounssitzungen. Ech hunn och d'Riede vun deenen Häre hei vum leschte Joer am Dezember.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Et war, an ech bleiwen dobäi, e Pilotage à vue. Deen offensichtlech wirtschaftlechen Abroch, dee mer festgestallt hunn, fir deen ech Iech net responsabel maachen, hutt Dir laanscht goe gelooss. Dir hutt wéi laang gewaart, bis Der reagéiert hutt. De Statec huet Ufank 2002 d'Resultater vun de Banke kommentéiert, an huet drop higewisen, dass et e bedeitende Réckgang ass bei de Bilanzposte wéi Provisiounen an ähnlechem, iwwer 26%. Do huet een dach gemierkt, dass sech eppes zesummebraut.

Et huet een och gemierkt, dass bei de Resultater, déi virlonge vum Joer 2001, d'Opléisung vun de Provisioune wesentlech méi héich long wéi soss. Ech loossen dat net am Raum stoen, wat de Budgetsminister mir virgeworf huet an der Fro vun der Taxe d'abonnement. E war am Joer 2000, wou ech Iech gesot hunn, Här Minister, Dir hutt 14 Milliarden ageschriwwen, schreift Der 18 an, well de Compte prévisionnel, an dat huet Är Administratioun festgestallt, dass et der 18 dëst Joer ginn. Ech hu wuertwiertlech gesot, et gëtt der 18 oder 20 d'nächst Joer. Dir sidd bei 14 bliwwen. Lo kommt Der an da sot Der, dat war genau richteg, well de Chiffer ass genau esou op 18 erauskomm, an dat Joer duerno sot Der, ech hätt mech geiert, et ware keng 20, mä et waren der 18, och dat Joer duerno, an esou weider. Mä Dir hutt dat net direkt revidéiert, Dir hutt et duerno revidéiert a gesot, et wier d'Chamber gewiescht, déi Iech dozou forcéiert hätt.

Mir forcéieren Iech net fir falsch Zuelen ze maachen. Mir hätte just gären, dass Der déi richteg Zuelen zu deem richtegen Zäitpunkt maacht. A wann Är Administratioun eis Zuele geliwwert huet, ech hu mer déi jo net aus de Fangere gesuckelt, dann hat Dir se jo och. Dann hätt Dir sollen déi richteg asetzen. A wann Der elo Misère hat mat der Taxe d'abonnement, da soen ech Iech, dann hutt Der net opgepasst. D'Boursë si jo net elo eréischt säit 6 Méint an d'Knéie gaang. D'Bourse huet ugefaangen an d'Knéien ze goen Enn 2000. Dat ass liicht nozekucken, wann een den Eurostock kuckt. Enn 2000, mat engem décken Abroch nach eng Kéier am September, mat engem liichten Opschwong, mä d'Kurv ass u sech eng riicht Linn vun Enn 2000 un.

Wann ee sech dann, annerhalleft Joer duerno, iwwerrascht weist bei der Taxe d'abonnement, dass déi esou noléisst. Dobäi ass dat jo ganz normal, et ass eng Verméigenssteier, wann een esou wëllt, op de Fongen. Et ass dach evident, dass dat huet missen abriechen. A wann ee sech do verwonnert mécht, dann deet et mer Leed.

***(Interruption)***

Oh, Här Weiler, wann Der gär hätt, dann zitéieren ech Iech e puer Saachen.

Här Weiler, déi éischt Reaktioun, déi Dir deemools schonn hat, wéi den Här Juncker nach d'Situatioun elo beim Etat de la Nation beschriwwen huet, war, dass Der gesot hutt: „Juncker hat in seinem herausragenden Stil aber zugleich im Namen der ganzen Regierung die Lage des Landes millimetergenau beschrieben". Dat ass net de Fall gewiescht zu deem Zäitpunkt. Et deet mer Leed, dat war net de Fall.

An ech soen, eng Regierung, an ech kommen herno nach drop, déi huet d'Instrumenter, a wa se net gutt sinn, da muss se se verbesseren. An et ware Méiglechkeeten, dat ze maachen. Et sinn Zweifelen opkomm beim Här Wiseler an der Finanzkommissioun schonn am Juli. Nozeliesen och, vu dass jo vill Leit anscheinend Procès verbaux liesen. Do seet en iwwert déi Augmentatioun, déi virgesinn ass vun de Recetten, wann ech mech net ieren, vun 8,24%. Do kritt en d'Äntwert vum Här Budgetsminister zu deem Zäitpunkt, wou et scho kloer war, dass d'Taxe d'abonnement net kënnt mat deem dote Resultat ofschléissen.

Vu den Etat vun der Bourse, an dee war jo net nei, sot Der: „Le budget 2002 sera exécuté conformément aux prévisions". Et steet am Procès verbal. Or, wann ee kuckt, an ech verweisen Iech just op den Avis vun der Cour des Comptes, deen eemol méi excellent war a wou ee scho bal huet misse mat de Majoritéitsparteie streiden, fir dass d'Cour des Comptes huet dierfen hiren Avis maachen, wann een do d'Situatioun vun der Trésorerie kuckt an et hëlt een de Solde cumulé vun der Trésorerie, dee jo net alles ausseet, awer munches ausseet, an et gesäit een op eemol, dass et Differenze vu 500 Milliounë ronn sinn - ech kann dat net op den Euro près an och net op d'Millioun près soen, vu dass et e Schema ass - vis-à-vis vun 2001, a ronn 700 Milliounen vis-à-vis vum Joer 2000, also en Abroch vermierkt gëtt, da weess een, dass eppes geschitt ass. A wann een dat net gesinn huet, a wann een net drop reagéiert huet, wat nach méi schlëmm ass, da muss ee sech dat do gefale loossen.

Um Nationalkongress vun der CSV huet och de Jean-Claude Juncker d'Lat héich geluecht fir d'Politiker. Ech net, hie sot: „Es ist nicht das Wachstum, das mir Angst macht, sondern das Unvermögen der Politiker, die Situation rechtzeitig zu erkennen." Précisément, Här Statsminister, dat ass de Virworf vun eiser Partei un Iech, dass Der net mat Zäiten Iech d'Instrumenter esou verbessert hutt, wéi dat hätt kënne sinn. Dann hätt Der dee Misère elo net, deen Här Wiseler och huet.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- 2003 géif vill méi enk ginn, hätt ech gesot, dass do dee Member vun Ärer Partei am Tageblatt en Artikel geschriwwen huet, fir mir ze soen, ech géif Schwarzmalerei maache fir de Leit, a besonnesch deene klenge Leit, d'Suen aus der Täsch ze zéien. Sidd Der ganz sécher?

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dat kann ech net novollzéien.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Ech konnt et deemools och net novollzéien.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir konnt Iech wahrscheinlech och net méi erënneren, dass Der dat do gesot hutt. Dofir wollt ech Iech et an Erënnerung bréngen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Dir kritiséiert hei déi 15 Finanzministeren aus der Eurozon plus déi aus den industrialiséierte Länner.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här Statsminister, ech kommen herno op déi Punkten.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Et gëtt kee Finanzminister, deen déi Situatioun, wéi se an der zweeter Halschent vun dësem Joer agetrueden ass, a sengem Budget agedroen hat. Keen eenzegen. Vläicht dee vum Vatikan, mä do kuckt Der jo net esou genau.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här Minister, de President vun der Zentralbank huet Iech - et ginn e puer Méiglechkeeten - bestëmmt eng Indikatioun ginn, wou ee sech hätt misse Gedanken driwwer maachen. Ech sinn net responsabel fir dat, wat de Statec mécht. Wann een awer, seet de President vun der Zentralbank, nëmmen eemol am Joer dat do moosst, dann ass et grad, wéi wann ee bei engem Kranken eemol d'Temperatur hëlt. Entweder huet ee se just richteg geroden zum richtege Moment oder et huet ee se zum falsche Moment geroden, mä d'Evolutioun mierkt ee jo net. Esou elementar Kritike vu Säiten, net vun der Oppositioun, mä vum President vun der Zentralbank, weisen Iech, dass Der d'Instrumenter hätt kënne verbesseren.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Jo.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech kann Iech en anert Beispill ginn, wat Instrumenteverbesserung ass.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Et muss een onbedéngt probéieren eng Kéier 15 Joer laang Wirtschaftsminister ze sinn, fir dat kënnen ze beuerteelen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Also lauschtert, mir haten déi do Situatioun scheinbar net, mä ech muss Iech soen, et ass kloer, wann ee sech net déi Instrumenter gëtt, fir eppes festzestellen, da brauch ee sech och net ze wonneren iwert dat, wat erauskënnt.

Ech kommen och nach op eppes, wou Dir selwer betraff sidd, Här Finanzminister, a wat Der kennt. Jo, ech weess, dass dat Iech nervt. Dann hätt Der mech ni sollen ustellen, esou eppes ze maachen. Mä Dir hutt Iech d'Instrumenter net ginn zu deem Zäitpunkt, wou Der Iech se hätt kënne ginn. Ech kommen nach eng Kéier drop zréck.

Op alle Fall, Dir waart net hei, wéi den Här Weiler esou profund explizéiert huet, wéi an der Koalitioun dat do jo besprach ginn ass, wéi dat mat groussem Wäitbléck herno an a grousser Concertatioun ofgelaf ass. Den Här Calmes, Budgetsrapporteur, huet nach ufanks der Woch, dat war Méindes, an engem Interview haart gesot, et kënnt net zu enger Upassung, mir brauchen näischt un deem Budget ze änneren, et ass alles an der Rei. Dat war Méindes, nozekucken op der RTL Télé. Den Här Biltgen, Dënschdes hei an der Chamber, beim Débat iwwert den Emploi, seet genau dat selwecht a seet, et ass iwwerhaapt näischt drun. Et huet mech, wéi dann Donneschdes déi urgent Sitzung huet misse kommen, fir d'éischt d'Tripartite an da Freides déi aner Sitzung, drun erënnert un déi Situatioun, déi mer bei der Steierreform haten, wou d'CSV-Fraktioun, zesumme mat hirem Parteipresident, nach geschwat huet, et kënnt net zu enger Upassung, den Här Rippinger huet grouss Deklaratioune gemaach, et kënnt eréischt am Joer 2002 zu där Steierreform, awer dräi Deeg duerno huet de Statsminister se annoncéiert. Dat hei, huet mech e bëssen drun erënnert.

Wann Der net dovu geschwat hätt, hätt ech och net méi dovu geschwat. Ech weess, et deet wéi Här Weiler, mä ech muss Iech awer soen, Dir sidd nu wierklech Iech déi do selwer siche gaang.

***(Interruption)***

Wësst Der, d'Chambre de Commerce brëngt et op de Punkt. Tatsaach ass, soe se, si sinn net kapabel uerdentlech Aschätzunge virzehuelen, sief et a gudden oder a schlechten Zäiten.

***(Interruption)***

D'Lëtzebuerger Land seet vun der langue de bois. Här Weiler lauschtert dach. „Schein und Wirklichkeit: Die „langue de bois", bisher bei der Erörterung der öffentlichen Finanzen üblich, gehört der Vergangenheit an." A wann ech dann op den Apel vum Statsminister kommen, do seet den Här Weiler e wär déck, mä et hat awer och ee gesot, et ësst een en nëmmen eng Kéier. Wësst Der wat de Feeler war? Et hätt een, anstatt den Apel ze plécken, sollen de Bam fleegen. Dann hätt een nach an deene Joren duerno och Äppel gehat.

***(Brouhaha général et interruptions)***

Wéi hätt een dat do gemaach? Dat hätt een éischtens gemaach doduerch, dass ee sech d'Instrumenter ginn hätt, vun deenen ech geschwat hunn, beim Statec. Et hätt ee sech d'Instrumenter gi gehat en temps utile a bei rouegem Wieder,Instrumenter fir genau anzeschätzen, wéi ass meng Situatioun bei de Steieren?

Här Statsminister, oder Här Finanzminister, fannt Dir et normal, dass d'Administratioun vun deem wichtegste Büro, nämlech dem Büro VI - dat ass dee vun de Banken; et ass deen, dee scheinbar zoustänneg ass fir ongefëier 70 bis 75% vun de Betribssteieren, wat en net onwesentlechen Deel an eisem Budget ass - seet: „le Bureau des Sociétés VI fonctionne actuellement à 25% de l'effectif nécessaire".

Wann deen entscheedendste Büro esou vernoléissegt gëtt, wéi dat de Fall ass, da soen ech einfach: Et huet ee seng Hausaufgaben net gemaach.

***(Interruptions diverses)***

Wann een duerno feststellt, dass ee keng kloer Vuen huet iwwert d'Einnahmen, déi een huet, dass een op eemol nëmmen, wéi en Epicier, deen owes a senger Keess kuckt, wat hien dran huet, fiert, da brauch ee sech net ze wonneren. Dir wësst et nach aus där Zäit, wou mer Steierreduktiounen, Steierreforme virgeholl hunn. De Problem ass dee vun de Simulatioune gewiescht.

Firwat konnte keng seriö Simulatioune gemaach ginn, well keng seriö Chifferen um Dësch louchen. Firwat louche keng seriö Chifferen um Dësch, well déi Administratioune ganz schlecht an der Informatik équipéiert waren.

Här Weiler, et ass net esou, dass een eppes erreecht, wann een un der Informatik spuert, wéi Dir hei ugefaangen hutt ze schwätzen. Genau dat ass de Problem gewiescht beim Stat. Genau dat huet zu Pisa II gefouert, wann een op der Informatik spuert, wéi Dir gemengt hutt, dass ee misst een Hiewel elo usetzen.

***(Brouhaha général)***

Mat deem, wat Dir do erzielt hutt, kritt Dir vläicht um Stammdësch e bësse Recht, mä ech muss soen Dir leit total dernieft an där Approche.

***(Interruptions diverses)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- D'Finanzverwaltungen hunn ni och nëmmen e Frang gestrach kritt vun deene Propositions budgétaires, déi si eraginn hunn, wat d'Informatik ubelaangt.

Plusieurs voix.- Den Här Weiler huet dat proposéiert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Den Här Weiler huet e ganzen Exkurs gemaach, wéi ee kënnt spueren.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ech waarden nach ëmmer op Är Propositiounen, Här Krecké.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Jo, Jo. Hei ass déi éischt.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Sot eis elo emol, wou Dir spuere wëllt.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Vous ne perdez rien au change. Mir hätten eis d'Instrumenter solle ginn.

De Stats- a Finanzminister weess ganz genee, dass hien a seng Administratioune kee kloren Iwwerbléck doriwwer hunn, wat mer zu dësem Zäitpunkt fir d'Joren: 1998, 1999, 2000 an 2001 un Avancë kritt hunn, wat mer nach ausstoen hunn a wéi vill mer provisionéiert hätten. Mir kéinten dat nämlech maachen. Et ass dem Finanzminister seng Aufgab, senger Administratioun heiansdo ze soen, wann him Saache feelen - an déi feelen Iech haut, an déi hunn Iech scho viru fënnef Joer gefeelt -, elo geet et duer. Elo maache mir et esou.

Dir hätt hinne kënne soen, si sollen emol direkt dat aschreiwen, wat e Betrib oder e Particulier ofgëtt. Da mécht een dat, wat aner Betriber och maachen, et approvisionnéiert een emol eng Recette. Ob et déi richteg ass, dat ass eng aner Saach, mä déi huet een dann emol. Déi hu mir net.

***(Interruption)***

Bon, da froen ech mech, firwat mir se net kritt hunn, wéi mer se gefrot hunn. Déi hu mir net. D'Opdeelung, wat vun 1998 un Avancen erakomm ass, wat ofgerechent ass, wat nach net ofgerechent ass, wat nach am Tirang a wat nach am Schaf läit, kenne mir guer net, well d'Administratioune sinn net capabel dat ze maachen.

Dofir soen ech: Dat ass de wesentleche Punkt, wou een de Bam hätt fleege sollen, fir dass een nach Äppel duerno gehat hätt, anstatt dass ee sech just un engem Apel ergötzt.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- De Bam vun Ärer Erkenntnis dréit keng aner Friichten, wéi déi, dass Der hei wëllt beweisen, dass ee besser Aschätzunge kënnt hunn. Mir waarden dauernd drop, dass Dir eis erkläert, wéi ee méi Suen an d'Keess kritt a wéi ee méi Sue kënnt spueren, fir de Budget besser équilibréiert ze kréien.

Une voix.- Dat ass d'Fro.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här Statsminister, ech wäert Iech net enttäuschen. Dat ass deen nächste Punkt. Et steet hei Steuerrückstände.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Dass d'TVA méi séier erakënnt, dofir kréie mir net méi eran, well déi, déi haut méi séier erakënnt, déi ass mar net méi do.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dat ass d'selwecht, wéi mam Apel.

***(Hilarité)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här Statsminister, den Här Weiler huet d'Fro gestallt, wat ee maache soll. Dir sot jo: „Et ass kee Brand, et ass e Sickerbrand." Et ass also nach net esou schlëmm.

Dat éischt, wat ech emol géing maachen, wier ze kucken, déi Einnahmen emol eranzehuelen - d'selwecht wéi Dir et jo maacht bei der Betribssteier, do huelt Dir jo elo eran, wat nach iwwreg bliwwen ass -, déi nach dorëmmer trëllen an déi mer riskéieren net méi eranzekréien. Dat ass nämlech de Punkt. Et ass dat, wat an der TVA geschitt - an ech kommen op déi Beispiller zréck -, well do kréie mir e groussen Deel dovunner, duerch d'Schlamperei, iwwerhaapt net méi eran.

Dat zweet ass, Här Weiler, da geet een hin a probéiert een d'Ausgabe besser am Gréff ze hunn. An der Exekutioun vum Budget kann ee ganz vill maachen.

Drëttens geet een hin um Niveau vun den Infrastrukturen, den Investissementer a kuckt, ob do net iwwerdriwwe gëtt. Oder fannt Dir et normal, dass wann eng Rockhal geplangt gëtt, déi 300 Milliounе kascht, mer elo eng mussen dohinner setze vun 1,2 Milliarden? Ech gönnen all Jugendlechen eng Rockhal, a sief et eng vun 10 Milliarden, mä ech muss soen: Verstänneg ass dat doten a kengem Mooss!

An da véiertens, Här Weiler - an an där Reiefolleg hätt ech gären, dass mer dat diskutéieren - kucke mer eréischt, wat fir eng Ausgaben - da kucke mer op dat Eingemachte - mir gegebenenfalls mussen zréckhuelen. Do wëll ech lech drop verweisen, dass Dir selwer gesot hutt: Et soll ee fir d'éischt dat maachen, wat noutwenneg ass. Ech soen lech: Mir hunn net d'Impressioun, dass et noutwenneg ass, am Sozialbudget eppes anzespueren, an dofir hu mir et net proposéiert. Mir sinn och net déi, déi verantwortungslos waren.

A wann Dir gären hätt, dass mir mar en Alternativbudget maache sollen, da maache mir lech en, mä da kréie mir d'Dossiere vun der IGF, déi Linn fir Linn soen, ass dat do eng Konventioun, ass dat do contractuel, ass dat do e Gesetz. Da kréie mer all déi Dossieren, déi d'IGF huet, an da maache mir lech dat. Anescht soen ech lech direkt: Op dat d'Glatäis, do lackelt Dir mech net, fir dann herno ze soen, jo, Dir hutt elo wëllen där doten Associatioun d'Halschent vun de Suen ewechhuelen.

***(Interruption)***

Här Weiler, da soen ech lech d'Ënnerscheeder. Och wa mir d'Steiere mat gestëmmt hunn, ass nozeliesen, dass mer trotzdeem eng aner Approche haten. Mir wieren net op 38% erofgaangen. Ech hu gesot 42%. 40% war herno d'Propos, déi mir gemaach hunn. Mir hunn dat anert mat gestëmmt, mä ech hunn awer gesot, dass eis Propos vill méi verstänneg gewiescht wär.

Dat anert, wat méi verstänneg gewiescht wär, a wat ech och gesot hunn, war: Et misst een net ënner 30 goen an et kënnt ee bei 32 stoe bleiwen, wat d'Betriber ubelaangt. D'Betribssteiere cumuléiert, si mer elo ënner 30. Mir hu gesot bei 32 wier et zu deem Zäitpunkt duergaangen. Dir waart anerer Meenung. Dir hat aner Méiglechkeeten. Dir hat anscheinend déi richteg Chifferen, déi mir nach net haten. Dat sinn d'Alternativen.

Beim Rentendësch, wëll ech lech soen, dass eis Partei d'Clignotanten Rieds hat. Et ass emol net Notiz, weder vun lech nach vu soss engem geholl ginn, datt een dat soll maachen.

***(Interruption)***

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Dat ass dach net richteg.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Et ass ganz kloer gewiescht, dass mir beim Kannergeld, dat mir proposéiert hunn, Här Weiler - wann Dir nach gären esou Saachen hätt -, eng Géigefinanzéierung gemaach hätten. Wat hu mir gesot? Da geet d'Steierbonifikatioun weider erof. Dat, wat Dir net méi wëllt maachen. Mir hunn also do net nëmme Fantasien an d'Welt gesat. Mir hu probéiert responsabel ze sinn a mir hu Saache proposéiert, déi Aspuerungen duergestallt hätten, dat nëmmen als Beispill.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Dir wollt Är Steierpropositioune finanzéieren iwwert de Wee vun de Plus-valuë bei der Taxe d'abonnement, nozeliesen an Ärer eegener Ried. Do sténge mir haut schéin do, wa mer missten dorobber zréckgräifen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här Weiler, Dir hutt mer deemools virgeworf. Et war eng Berechnung op d'Joer, op d'Budgetsjoer, an do hunn ech lech gesot: Do feele 4 Milliarden, dat si précisément déi, vun deenen ech lech virdru geschwat hunn, vu 14 op 18. Mir hu vun engem Budgetsjoer geschwat, mir hunn net vun deem geschwat, wat am Joer 2020 ass.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Jo, mä elo géift Dir do stoe mam Fanger am Mond.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Vu dass Dir jo gären iwwer Steierréckstänn schwätzt, wëll ech lech da soen, wat ech am schlëmmste fannen am Moment. Beispillsweis bei der TVA, ass, an dat ass eréischt an de leschte Jore komm, dass Der wuel haut eng Strof kritt, wann Dir ze spéit Är Deklaratioun ofgitt, mä Dir kritt keng Strof, op alle Fall net déi éischt 18 Méint, wann Dir net bezuelt. Zu wat féiert dat? Ech hat dem Finanzminister proposéiert, d'Prozeduren ze änneren. Hien ass inaktiv bliwwen. Hien huet näischt, awer och strictement näischt ënnerholl, mat Ausnahm dass vläicht op eemol elo Strofen ausgedeelt ginn, wann ee keng Deklaratioun ofgëtt.

Dat huet geféiert zu dräi Punkten. Dat huet dozou geféiert, dass mer vun 18 op 36 Milliarden, vun 1996 erop op d'Joer 2002, Réckstänn an der TVA hunn. Mengt Dir dann, déi Réckstänn an der TVA géinge mir alleguer erakréien.

Zweetens, an dat ass méi schlëmm: Bei deene Betriber en activité, huet et dozou gefouert, dass wa mer deemools eng Situatioun haten, wou mir vun de Betriber am Fong geholl méi wollte kréien, wéi si vum Stat zegutt haten, dat heescht d'Betriber ware wäit hannendran an de Stat net, hu mer elo déi ëmgedréinte Situatioun. De Stat schafft mat de Sue vun de Betriber an de Stat huet 20 Milliarden ze rembourséieren, während hien der nëmme 15 anzezéien huet. Wat ass de Problem dobäi, doduerch dass déi Situatioun elo ëmgedréint ass?

Dass éischtens et net richteg ass, dass de Stat ouni Zënse mat den TVA-Gelder vun de Betriber schafft. Dat fannen ech net an der Rei. Zweetens, soen ech lech, dass de Gros vun deene Suen, déi mer do ze rembourséieren hunn, mer och musse rembourséieren. De Stat wäert jo sécher zu senge Steierschold stoen. De Stat huet 20 Milliarden zréckzebezuelen, mä hien huet der 15 vun deenen en activité ze kréien, an ech behaapten dovu kritt hien der e ganze Koup net. A firwat kritt hie se net? Well der schonn eng Rei Faillite sinn, an dat ass deen drëtte Punkt.

Wat ass geschitt an der Zwëschenzäit vun 1996 op 2003? Ech spannen net, dat si Chifferen, déi si bekannt, déi leien um Dësch, déi hu mer an där Réunioun do iwwregens diskutéiert, wou den Direkter vum Enregistrement jo net wollt. Ech hu jo gesot: Mat enger grousser Beharrlechkeet maacht Dir just de Contraire, an d'Resultat ass dat do. Bei de Faillitë si mer mëttlerweil an der Situatioun, dass mer - elo muss ech meng Zuelen huelen - bei 6 Milliarde sinn, déi mer net kënnen erakréien fir d'Joer 1996.

Wéi ech lech aner Prozedure ginn hunn, aner Prozeduren, déi ouni Problem vun de Betriber akzeptéiert gi wieren, wou vum 1. Januar 1998 un en neie Regime ugelaf wier, a wou an aller Rou, ouni dass e Misère entstane wier, agezu gi wier...

***(Interruptions)***

Här Weiler, lauschtert Der mer vläicht no? Hunn ech lech ënnerbrach?

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ech kennen Är Argumentatioun.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Mä wann Der se esou gutt kennt, firwat hutt Der se net ugewannt?

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Well mer net dovun iwwerzeegt sinn!

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Jo, Dir sidd net iwwerzeegt. Soll ech lech d'Resultat soen? Also, vun 18 si mir op 36 Milliarde Réckstänn gaangen. Mir sinn elo vun 0,5, enger halwer Milliard, op 7,8 Milliarde bei deem „en cessation"'.

Soll ech lech nach eppes soen? Bei deenen, déi en faillite sinn, si mir vu 6 op 13 Milliarde gaangen. Dat hutt Dir, well Der eben net reagéiert hutt, ze veräntwerten, doduerch dass Der d'TVA net mat Zäiten anzitt. Dat wat hannendrun ass hätte mer mat engem Sozialplang fäerdeg bruecht. Mir wieren higaangen, mir hätte gesteiert an déi Réckstänn eragefouert. Dat hätt kengem Betrib wéi gedoen, well mir hätte mat hinne verhandelt a vum 1. Januar 1998 aus un hätte mer den neie Regim spille gelooss, an da wier dat do net passéiert. Et ass, well Der de Betriber d'Suen, d'TVA, net déi aner Steieren, d'TVA gehéiert de Betriber net, c'est pour le compte de l'Etat, wou se se huelen, an déi soll ee mat engem verstännegen Délai anhuelen an deen, deen net bezillt, deem soll een Zënsen drop verrechnen. Punkt, fäerdeg. Dat wollt Der net maachen. Dat do ass d'Faillite, virun där Der elo stitt.

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Dofir bezuele se awer net éischter!

M. le Président.- Den Här Weiler wëllt gären eng Fro stellen.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, déi Chifferen, déi den Här Krecké nennt wat d'Réckstänn vun der TVA ubelaangt, si richteg. Mä ass et dann awer net och richteg, dass am selwechten Zäitraum global d'TVA-Opkommes sech praktesch verduebelt huet, dass mer also prozentual gesinn an deene selwechte Paragë leien, wat d'Arriéréen ubelaangt, wéi mir virdru geleeën hunn? Dat ass déi éischt Fro.

Ech war och ëmmer Verfechter dovun, fir d'TVA méi schnell anzedreiwen.

Déi zweet Fro ass, wa mer awer enger Partie vu Betriber net d'Chance ginn hätten an d'Seel méi laang gelooss hätten iwwer eng gewëssen Zäit, dann hätte mer eng ganz Rei Failliten zu engem Moment kritt, dee méi fréi geleeën hätt. Dat ass richteg. Mä dat wollte mer awer net. Mer wollten net duerch ee massiivt Andreiwe vun der TVA eng Rei vu Betriber an d'Faillite dreiwen. Ënnert dem Strëch wär et plus ou moins op datselwecht erauskomm. Dofir kann ech déi Argumentatioun vum Här Krecké net akzeptéieren, mä op déi éischt Fro hätt ech gären eng Äntwert, well wann ee Chifferen nennt, da soll ee se och alleguerten nennen a se am Kontext kucken, fir ze verstoen, ëm wat dass et geet.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här Weiler, entweder wëllt Der et verstoen oder Dir wëllt et net verstoen. Et ass evident, dass et e Feeler war, eng falsch Aart a Weis war virzegoen 1996, wéi mer et gemaach hunn. Ech hunn do eppes aneschtes proposéiert, mä et ass d'selwecht virugefuer ginn, also ass et evident, dass d'Réckstänn méi grouss gi sinn. Dat heescht, d'Opkommes war méi grouss, an deeselwechte Feeler ass weider gefouert ginn. An dat ass ebe just dat, wat ech monéieren. Dat ass dat éischt dozou.

An zweetens, ech hunn ni gefrot, dass bei Réckstänn dem Betrib soll d'Guergel zougedréit ginn. Ech hu gesot: Den 01.01.1998 fuere mer mat enger neier Prozedur, wou direkt no zwee an en halwe Mount agedriwwe gëtt a wou och direkt Zënse spillen. Huelt nëmmen Äert eege Beispill bei de Steieren. Wann Der net bezuelt den 10. Dezember, da waart bis den 29. Dezember, da geet et och nach. Da probéiert emol de 5. Januar dat do ze maachen, dann hutt Der Zënsen, an Dir kritt se net méi ewech. Maacht dat do zweemol bei de Betriber bei der TVA vun engem gewësse Moment aus un, an da garantéieren ech lech, dass se bezuelen. A genau dat war d'Propositioun.

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Et sinn déi gesond Betriber, déi bezuelen, an et si just déi Betriber, déi net en règle sinn, déi net bezuelen, déi bezuelen och d'Zënsen net!

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Da loosst se och net esou wäit kommen. Dir loosst hinnen 18 Méint, bis Der eng Contrainte erausschéckt. Dat ass vill zevill spéit. Wann Dir dat gutt fannt, dann deet et mir Leed. Dat ass Concurrence déloyale vis-à-vis vun deene Betriber ...

***(Interruption)***

Här Clement, Dir gitt esouguer d'Argument, fir et anescht ze maachen, well déi gutt Betriber, déi déi anstänneg bezuelen, déi gi benodeelegt duerch Äre System.

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Et ännert awer näischt un der Situatioun, wann d'Zënsen dobäi kommen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Ech soen lech, Här Clement, d'Steierhannerzéiung war och e Sujet. Dat huet kee Mënsch interesséiert all déi Joren. Ech soen lech, wann et méi enk gëtt an de Statsminister huet jo gemengt, et géing méi enk ginn, da geet et och net méi, dass Leit honnerte Milliounе Steieren hannerzéien an net emol eng Kéier viru Geriicht landen.

Et ass mir bekannt, dass mer säit 1993 een eenzege Fall viru Geriicht haten. Dat fannen ech net normal. Wann ee kuckt, wat do Leit Steieren hannerzunn hunn, wat festgestallt ass, wou herno d'Steieradministratiounen higinn an nach de Vergläich mat hinne maachen, dat ass e Feeler. Déi Leit mussen an eng Sitzung komme bei grousse Steierhannerzéiungen. Dann héiert deen Zirkus op, wa bis e puer Stéck geklaakt gi sinn au terme vun der Escroquerie fiscale, net vun der einfacher Fraude fiscale. Ech soen lech, da kënnt Uerdnung, mä wann Der dat net maacht, da braucht Der lech net ze wonneren, an do ass e weidere Punkt, wou mir soen, da kommt, mir kucken emol dat eranzedreiwen, wat noutwendeg ass.

***(Interruption)***

Iwwert de Mindestloun gi mer kräischen, an déi do loosse mer mat honnerte Milliounе lafen.

Ech muss lech och soen - fir op eng responsabel Haltung vun eis nach eng Kéier ze verweisen -, déi Situatioun, déi sech agestallt huet mat den Dekonten an de Betribssteieren, iwwert déi ee jo als Parlamentarier an als Oppositiounspolitiker hätt eppes kënne soen, well et jo net de richtege Reflet war vun der Situatioun, dee mer presentéiert kruten, huet eis Partei, déi dat do jo wousst, selbstverständlech eng responsabel Haltung ageholl an huet gesot, mir fannen et okay, dass eng Rei Dekonte vun décke Banken net erausginn, déi jo elo dann erausginn. Dat hu mer an der Rei fonnt.

Ech fannen et allerdéngs net an der Rei, dass eis irresponsabel Haltung virgeworf gëtt, wann de Budgetsrapporteur selwer seet: „Die Einnahmen aus der Kollektivitätssteuer haben eher etwas mit Maquillage zu tun". Wann deen dat seet, do sot Der näischt. Mir hunn dat do ni gesot. Mir hu responsabel gehandelt an hunn dovunner net geschwat, well mer et als richteg ëmfonnt hunn. Well dat wier jo d'Essenz gewiescht, dass eng Oppositioun seet, mir hätten op de Frang genau gären d'Situation financière a mir hätte si net gäre gezéngt, esou wéi mer se am Moment kréien.

Et gëtt och gesot bei den Ausgaben, an ech zitéieren do den CSV-Wahlprogramm vun 1999: „ Die ordentlichen Ausgaben des Staates dürfen auf keinen Fall schneller steigen als das mittelfristige Wirtschaftswachstum." Ech soen lech, Kolleeginnen a Kolleegen, vun 2000 bis 2003 wäerten d'Ausgaben ëm 34% an d'Luucht goen. De PIB wiisst ëm 20%. Erkläert mir, wéisou dat an Aklang ass mat deem, wat Dir an Ärem Programm erzielt hutt, a wat hei dauernd an d'Vitrine gestallt ginn ass an deem gudde Rapport vum Här Wiseler d'lescht Joer nach. Wou ass déi mëttelfristeg Planung, déi dann awer och virgesäit, dass déi Ausgaben net aus dem Rudder lafen, wann een dat do gesäit?

Et ass gesot ginn, dat ass op de Plus-valueën effektiv d'Affektatioun. Ech gestinn lech gären zu, dass een Deel dovunner, ech kann et net aschätzen, dorop zréckzeféieren ass. Mä wann ee sech déi Lat dohinner leet, da muss een och kucken, dass ee se anhält.

Kuckt och elo emol de Volume 2 vum Budget, dee mer wéi ëmmer vill ze vill spéit geliwwert kritt hunn, a wou Der e bësse gesitt, wat fir eng Infrastrukturen de Stat wëllt bauen. Do geet haut Rieds bei eenzele Fongen nach just vun dräi Joer, bei eenzelne vu fënnef Joer. Mat Ausnahm vu sechs Fongen, fannt Dir keen, deen lech seet, wat geschitt an deene Joren duerno. Et ass dat de Bauteministère, deen do wierklech korrekt alles dohinner leet. Et ass nach de Fonds du Rail. Ech kann lech se elo net auswendeg opzielen, mä et sinn der nëmme sechs. All déi aner soen lech iwwerhaapt net, wat virdru war, a soen lech net, wat duerno geschitt. Dat fanne mer net normal.

Soll ech lech en anert Beispill ginn, wou een einfach e schlecht Gefill kritt bei deem, wat engem als Budget virgeluegt gëtt. Sécherlech ass d'Gesetz hei gestëmmt ginn, wat virgesäit, dass wat d'Baby-Joren ubelaangt, d'Kotisatiounen elo net méi vum Stat bezuelt ginn. Dat heescht, fréier hu mer Kotisatioune bezuelt. Elo gi mir hin a soen, mir bezuelen en Deel vun der Pensioun.

Et gëtt een d'Gefill net lass, - well dat do ass jo keng Ofmaachung vum Rentendësch, et ass ni um Rentendësch dovunner Rieds gaangen, dat ass jo op eemol agepaakt ginn -, dass een dat do eigentlech ni wëllt an de Budget huelen, well am Joer 2006 misst et erëm an de Budget kommen, wann een dat jo als Virschoss hëlt op dat, wat geleescht gëtt. Mä et gëtt een d'Gefill net lass, well elo nach bäikënnt, dass de Forfait d'éducation och nach iwwert dee Wee finanzéiert gëtt. Dir wësst jo awer, dass mer eng Diskussioun haten, dass dee Forfait d'éducation sollt aus de Pensiounskeesse bezuelt ginn. Hei gëtt een d'Gefill net lass, dass een net déi korrekt Engagementer vum Stat virleien huet, wann de Stat seet - an Dir als Majoritéit huet dat virgeluegt -, dee Forfait d'éducation gëtt ausbezuelt. Néierens am Budget taucht en op an där Form. Et gëtt elo vu Reserve gelieft, déi virdru gemaach gi sinn. D'Baby-Jore ginn op Null gesat, wou si soss iwwert 700 Milliounen al Frange waren. Dat ass keng propper Dispositioun an engem Budget. Dat rett een eng Zäit iwwert d'Distanz, mä dat ass keng propper Duerstellung.

Wat d'Zukunft ubelaangt huet e Majoritéitsdeputéierte vun heibanne gesot, also elo keng Extravaganze méi, dat e bëssen am Fahrwasser vum Statsminister, dee gesot huet, elo keng Topegkeete méi. Ech stellen d'Fro bei esou Aussoen: Hu mer da bis elo Topegkeeten hei an der Chamber vun enger Majoritéit proposéiert a gestëmmt kritt? Hu mer da bis elo Extravaganzen ...

***(Interruptions diverses)***

Här Weiler, wann Der schonn de Kapp erausstreckt, passt op, well Dir waart et, dee vun Extravaganze geschwat hutt, ech hätt jo elo näischt gesot, wann Dir net reagéiert hätt, mä...

Une voix.- Däerf ech dann elo näischt méi soen?

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Mä de Problem - an den Här Bodry wäert drop agoen - ass jo net, an dat hunn ech lech jo och schonn eng Kéier gesot, net de Budget 2003 mat deenen Décompten, déi ausstinn. An et brauch een nëmmen ze kucken, et weess een och, dass een déi erakritt. Wann ee weess, dass 15 Banken hei iwwer 50% vun eiser Betribssteier ausmaachen an dat si seriö Banken, déi hu se provisionéiert, déi kënne se muer bezuelen. Dat ass kee Problem, an dat weess och de Budgetsminister. Dofir, de Problem läit jo net bei der Exekutioun. Et gëtt schwiereg, dat stinn ech gär an. Mä de Problem läit net bei 2003, ech behaapte souguer, dass mat e bësse guddem Virgoen an den Ausgaben, et och emol net de Problem vun 2004 gëtt. Mä ech garantéieren lech, ech hat bal gesot, dat aarmt - ech soen d'Wuert dann net -, wat muss de Budget vum Joer 2005 maachen.

Well souguer wann elo d'Wirtschaft géing urappen, da kritt dat jo net säin Nidderschlag direkt an de Steieren, et kritt en héchstens bei de Salairessteieren, et kënnt e kréien, wann d'Bourssen unzéien, a mir d'Taxe d'abonnement kréien, et kënnt en, wat de Konsum ubelaangt, eventuell och nach an der TVA kréien, et encore, mä et kritt en net an de Betribssteieren. Dat dauert erëm eng Kéier zwee, dräi Joer bis et do spillt, an et kritt en och net esou schnell bei de Privatpersounen.

***(Interruption)***

Jo jo, mëttelfristeg. Mëttelfristeg komme mir bis 2004, an anscheinend sinn do Wahlen. Dat Gefill ginn ech net lass, an ech muss soen, do kënnt Dir esou vill erzielen, wéi Dir wëllt.

Dir hutt monéiert zwou Ausgaben, déi mir ernimmt hunn. Ech verweisen lech, wann ech gelift drop. A wann Dir et net gleeft, da mussen déi lech et nospille vun der Press, déi do waren. Mir hunn ni, weder den Här Bodry nach ech, behaapt, dass mir am Budget 2003 géifen aspueren um Fliger, um Schëff an op de Privatschoulen. Ech kann lech auswenneg soen, wéivill d'Dotatioun vum Militairefong ass. Et ass net, wéi de Budgetsminister op der Tëlee gesot huet,1,5 Milliounе LUF.

***(Interruption)***

Et ass kee Problem. Et sinn 1,5 Milliounen Euro. Et ass eng Speisung vu 60 Milliounen aler Frang. Dat weess ech, dat brauch Dir mir net ze soen. An déi Ausgaben, déi virgesi sinn, déi ronn 12,5 Milliarden al Frang, weess ech, dass déi virgesi sinn, a si si souguer virgesi bis d'Joer 2013. Wann een elo de Fliger hëlt, war et virgesi bis d'Joer 2013. Dir braucht eis also do keng Lektioun ze maachen, mä wann ee seet, keng nei Dépensen an esou enger Situatioun, da fannen ech, ass dat dach eng responsabel Haltung. Da seet een emol fir d'éischt, mir kucken iwwert d'Distanz ze komme mat deem, wat mir gemaach hunn, alleguerten zesummen hei, a kucken keng nei Dépensen ze huelen, déi kënnen évitéiert ginn.

Här Weiler, fir dann ze soen, mir hätten eis et just einfach gemaach, da géing ech lech soen, dann huet d'Regierung sech et och einfach gemaach. Dir hutt hei gesot: Wat ass dat e Signal fir eis Partner, wann Dir hi gitt a genau d'Aspuerungen op deenen dote Punkte proposéiert. Wat ass vun enger Regierung ze denken, déi grad an der Kooperatioun aspuert? Dat ass dann awer grad esou doniewent, muss ech lech soen.

***(Interruption)***

Dat hunn ech net gesot, jo jo, Här Weiler. Wann ee seet d'Partner dobausse kucken op eis, da soen ech lech - an den Här Goerens ass hei bannen -, och déi Leit, déi an der Koopératioun op Lëtzebuerg zielen, kucken op eis. Ech hätt dat do net gebraucht als Argument, mä wann Dir et als Argument gebraucht, da gebrauchen ech et och. An da soen ech, kuckt lech an de Spigel an da sot Der: Hu mir dann net besser, mir géingen d'Kooperatioun bäibehalen a géingen op de Militaireausgabe spueren.

***(Interruption)***

Här Weiler an Här Goerens, jiddfereen huet seng Aufgab ze erfëllen, a jiddfereen probéiert déi anstänneg ze maachen. Wat hat ech gesot, wéi déi éischt Chiffere komm sinn? Hei kënnt elo emol d'Politik erëm an d'Spill. Hei gesäit een emol d'Ënnerscheeder, mä da kommt, mir kucke se och.

***(Interruption)***

M. le Président.- Den Här Goerens géif gären eng kleng Interventioun maachen, Här Krecké?

***(Assentiment)***

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Här President, ech wëll nëmme just drun erënneren, datt an de Chiffferen, déi der Chamber fir d'Approbatioun proposéiert ginn, d'nächst Joer 7 Milliounen Euro méi an der Entwécklungspolitik sti wéi 2001.

Mir orientéieren ons un engem internationale Critère, e Benchmarking-System, deen op dem PIB baséiert, an déi successiv Regierunge si vun 1990 bis haut all Joer an d'Luucht gaangen, an dat an enger Form, déi vu kenger vun de Parteien hei a der Chamber kontestéiert gëtt.

Loosse mir elo net de Genie entwéckele fir do, wou mir wierklech weltwäit praktesch déi Bescht sinn, dat kleng ze rieden, a do wou mir natowäit praktesch déi Klengst sinn, dat héich ze rieden.

***(Interruptions diverses)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech huelen Akt dovunner, dass mir nach méi hunn, wéi am Joer 2001. Mä ech soen lech, wann een hi geet an den Amendementer, an et setzt een d'Kooperatioun erof an d'Forschung erof, do kann ee doriwwer diskutéieren. Bei der Kooperatioun hunn ech a priori och näischt dogéint anzewenden, wann ee seet: Dat hu mir un e gewëssene Prozentsaz gebonnen. Dat hunn ech jo och nach net beanstand. Wann een awer hi geet, an eis seet, mir dierften net schwätzen vu de Militaireausgaben vis-à-vis vu Partner, da soen ech an der Kooperatioun hu mir och Partner, déi op eis zielen.

Plusieurs voix.- Très bien! Très bien!

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- An deen zweete Punkt ass, Här Weiler, fir d'Privatschoulen, dat weess ech ganz genau - an do brauch Dir mir och keng Lektioun ze ginn -, dass näischt virgesinn ass.

***(Interruptions diverses)***

Une voix.- Här Weiler, lauschtert no.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Här Krecké, ech wollt lech opmierksam maachen op eist Reglement. Dir sollt lech net dauernd un en aneren Deputéierte wenden. Dir adresséiert lech un déi ganz Assemblée oder un de President an dat laut Artikel 31.3. Wann Dir dauernd mam Här Weiler polemiséiert, da komme mir hei jo net vum Fleck.

***(Brouhaha général)***

Dat gëllt fir deen een eméi fir deen aneren. Den Här Weiler wollt gëschter datselwecht maachen. Ëmgekéiert ass och gefuer. Jiddferee kritt d'Wuert, fir Stellung ze huelen zu deem wat virläit. Firwat dann dauernd ënnerbriechen? Här Krecké, fuert an Ärer Ried virun.

***(Brouhaha général)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, ech kennen e Parlamentspresident hei zu Lëtzebuerg, deen ëmmer seet…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

…et ass souwisou egal, et kënnt op datselwecht eraus. Abbee, wann ech mech net däerf un den Här Weiler riichten, Här President, da riichten ech mech un lech. Wat d'Privatschoulen ubelaangt, Här President, muss ech lech soen…

Une voix.- Un d'Chamber!

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Den Här President huet gesot, ech kéint mech och un hie riichten.

***(Hilarité)***

Här President, wann Dir dat da wëllt héieren!

M. le Président.- Et ass esou laut eisem Reglement vum 31. Mäerz.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, mir wëlle keng zousätzlech Ausgaben, an déi Suen, déi mir elo méi enk hunn, déi mir net méi an deem Mooss hunn, wëlle mir verwenden, fir déi öffentlech Schoul. Mir wëlle keng zweetklasse Schoul hei zu Lëtzebuerg kréien, wou déi eng eng Eliteschoul gëtt, a dat anert net. Eleng duerch d'Zuel vun den Auslänner, - an ech hoffen, dass jiddferengem hei a dësem Sall deenen hir Integratioun léif ass -, ass et noutwenneg, dass mir d'Sue an d'öffentlech Schoul stiechen, an dass mir se net an d'Privatschoule stiechen. Dat ass déi falsch Richtung. Dir sidd där enger Meenung, mir sinn där anerer Meenung. Do gesäit ee jo och glécklecherweis d'Ënnerscheeder.

Mir gi jo och hin, a bréngen et net fäerdeg Strukturen ze schafen, fir där öffentlecher Schoul ähnlech Avantagen ze bidden, wéi et déi Privatschoulen hunn, mat Internater, mat Strukture wéi d'Ganzdagsschoul. Déi Méiglechkeete schafe mer net, déi aner awer hu se a mir ënnerstëtze se och nach mat 80%, fir déi Structure d'accueil ze schafen.

Do ass dach awer eppes, wat net klappt, well dat ass ee vun de groussen Atouten, an dat streide mer der öffentlecher Schoul of. Deene gi mer déi Méiglechkeet do net, déi mir op der aner Säit Leit ginn, déi mir nach mat 80% mat finanzéieren.

Ech soen lech, déi Flexibilitéit, déi och am System ass, ass och eppes, wat mat der öffentlecher Schoul net zougestinn, an duerfir soen ech lech, Här President, si mir net där doter Meenung, mä et si nach Kolleegen, déi wäerten dorop agoen.

***(Interruption)***

Et ass alles gesot ginn, Här Statsminister. Et deet mir Leed, dass Dir net hei waart, well ech hunn dat doten alles erkläert.

***(Interruptions diverses)***

Plusieurs voix.- Oh!

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här Statsminister, ech hunn hei op zousätzlech Ausgaben higewisen, an ech hat och en Développement, fir ze weisen, dass dee véierte Punkt eréischt deen ass, wou et un Ausgaben, wéi Dir se nennt, mat Topegkeeten, wou een un esou eppes kënnt. Dat war mäi véierte Punkt.

Dee fënnefte Punkt ass dee vun den Investissementer. Ech sinn net géint d'Rockhal, Ech hu se ënnerstëtzt. Den Alex Bodry huet e Projet abruecht vun 300 Milliounen, deemools. Dass d'Jugend eppes wëllt, en Ënnerdaach, fir anstänneg Konzerten ze lauschteren, dat versteet een. Déi brauch awer kee Luxus, wéi aner Leit e brauchen, an ech fannen dofir, dass 1,2 Milliarde fir eng Rockhal onsënneg sinn.

Et hätt een déi 300 Millioune sollen huelen a bauen, dann hätte mir se elo haut vläicht, well ech zweifelen drun, dass mer se muer kréien. Ech gönnen der Jugend se, mä do sinn Ausgaben, wou ech lech soen, wou ee roueg hätt kënne spueren. Do ass eng Ausgab beispillsweis, déi spuert net op dësem Budget, dat braucht Dir mir net ze soen, well dat ass eng Ausgab, déi op eis zoukënnt. Beim Rehazenter hutt der drop gehalen, dass en op eng aner Plaz kënnt. E kascht duebel esou deier. Dat musst Dir lech einfach als Virworf gesot loossen.

***(Interruption)***

Ech kann lech nach eng Rei esou Beispiller nennen, ech verzichten drop. Ech muss lech soen, a wann et an den Investissementer och Problemer gëtt, da verschëlde mer se selwer. Firwat soen dann op eemol all méiglech Leit: „Il y a l'existence de multiples goulets d'étranglement, qui ralentissent la mise en oeuvre des travaux publiques."

Am Moment sinn d'Handwierk an d'Baulandschaft och a Schwieregkeeten. Mir selwer, duerch déi administrativ Barrièren, déi mir eis ginn. Mir wëlle keng Normen ofschafe wéi de Wirtschaftsminister, mir wëlle just eng Accélératioun vun den Autorisatioune kréien. Wann d'Accumulatioun vun de Retarden dohinner gestallt gëtt als très importante mëttlerweil op de Chantieren. Dozou kann ech lech Leit nennen, ënner anerem de Secrétaire général de l'union des entreprises de travail intérimaire, dee seet: „Les procédures administratives préalables au démarrage d'un chantier prennent beaucoup de temps."

D'Madame Minister weess, dass mer scho virun iwwert engem Joer doriwwer geschwat hunn. Mä et geschitt awer näischt, an d'DP ass an d'Wahle gaangen an an ee vun hire Steckenpferde war dat do. Elo ass déi d'DP an där Regierung, näischt mierken ech vun deem Inzentiv, dee se op deem dote Punkt hätte kënne ginn.

Ech hunn och, Här Weiler, … Pardon, Här President.

***(Interruptions)***

Ech hunn och, Här President, gemengt eraus ze héiere beim Här Weiler, mir géingen heiansdo klenglech wierken. Et ass net Klenglechkeet, wann een an der Exekutioun vum Budget seet, déi Chifferen, déi Dir eis nennt, sinn net déi richteg. Je m'explique: Wa gesot gëtt, mir maachen nëmmen Dépassementer vu ronn 0,3 bis 0,5%, da stëmmt dat en fait net. Mir maache méi grouss Dépassementer an duerch de Fait, dass eenzel Kreditter - Dépassementer ass jo pro Artikel - wéi beispillsweis déi, déi vun der Ekonomie mat enger Milliard blouf, am Joer 2001 net gebraucht gëtt, dann ass et evident, dass een op déi do Chiffere kënnt.

Wann een awer richteg kuckt, waren déi eigentlech Dépassementer 2%.

Ech kann och nach domadder liewen, wann ech et explizéiert kréien. Dat hunn ech och nach ni beanstand. Wat ech awer beanstanden, dat ass, wa Leit elo op eemol schief bekuckt ginn, souwuel vu Regierungsmemberen, wéi och vu Leit heibannen, déi probéieren an der Exécution budgétaire méi rigueur eran ze kréien. Ech fannen et net normal, fir vum Fong vun der Famille dann ze schwätzen, wou zwou Stéchprouwe gemaach ginn, zwou vu 37 oder 38 Projeten. Do stelle mer fest, dass bei engem Projet an der Gréissenuerdnung vun 100 Milliounen aler Frang e Contentieux ass, wou de Stat och wäert Suen aspueren.

***(Interruption)***

Lauschtert, Här Weiler, hei geet et jo net ëm eng Scholdzouweisung. Hei geet et drëm, fir et muer besser ze maachen. Lauschtert, et ass nach kee Minister gehaange ginn an ech verwiere mech dergéint als President vun där Kommissioun, och mat de Memberen, déi responsabel wëllen dorunner erugoen, wuel hu mir am Moment vläicht eenzelner emmerdéiert, mä et ass nach kengem Minister eppes geschitt. An déi Regierung do, hire Budgetsminister an hire Statsa Finanzminister missten déi Kommissioun als en Alliéierte gesinn, anstatt dass mer ugesi ginn, wéi wa mir nëmme Querulante wieren, déi hi ginn a Saache wëllen opdecken.

De Budgetsminister huet sech verwiert als Spekulatiounsminister duergestallt ze ginn. D'Cour des Comptes huet lech trotzdeem drop opmierksam gemaach, ech schwätzen net vun den SES-Aktien a vun aneren Aktien, déi huele mer jo net, dat weess ech, fir ze spekuléieren, sondern déi huele mer, well se strategesch fir eis wichteg sinn. Ech fannen et och richteg, dass wa mer do eng Moins-value drop hunn, mer dozou stoe mussen, an dat maache mir och. Mä Dir musst lech de Virworf awer gefale loossen, Här Minister. An et geet net duer fir empört ze sinn, well da mussen Explikatioune kommen, wéisou Der op eemol higitt an aner Véhiculen huelt fir Är Gelder unzeleeë mam Resultat, dass Der herno du simple au double am Fong geholl Verloscht hutt. Et ass duergeluecht ginn. Ech waarden nach bis haut drop, mat Ausnahm vun Ärer Empörung, dass Der dat sollt widderleeën.

De President vun der Zentralbank - ech si jo nëmmen en einfache klengen Deputéierten - seet bei der Empörung: „Alors, il faudra que le ministre explique en quoi un livret de Caisse d'épargne est plus risqué qu'un European medium term note adossé à des performences de bourse!" Et steet nämlech geschriwwen, wat mir dierfen a wat mir net dierfen an eisem Kontabilitéitsgesetz.

Ausser Empörung hunn ech vun lech nach net d'Explikatioun dozou héieren, mä Dir kritt jo nach d'Geleeënheet, Här Budgetsminister, dat ze maachen.

Ech hu villes missen iwwert mech ergoe loosse bei deem éischte Riedner heibannen, muss ech lech soen, an da mengt Dir, mir géingen och elo deen anere Bak nach dohinner halen. Hei si Saachen, iwwert déi ech net noutgedronge bis elo geschwat hunn, mä wann Dir et gären hätt, da schwätze mir doriwwer.

Ech muss soen, eng aner Politik wär och méiglech gewiescht. Eng aner Politik wär absolut méiglech gewiescht, an ech muss soen, et ass éischter d'Ideenlosegkeet, déi sech bis elo breet gemaach huet. Ech si liicht ameséiert, och wann et mer Leed deet, fir déi Leit déi et trëfft mat der Ausso vum Statsminister, déi en d'lescht Woch hei gemaach huet. Am Fong geholl sinn et zwee grouss Verspriechen,

déi d'DP gemaach huet: Dat éischt hat se jo fale gelooss, ier se an d'Regierung gaang ass, nämlech dat vun de Statsbeamtepensiounen, dat zweet vun der Gehälterrevisioun huet de Statsminister am Keim erstéckt. D'DP wosst et wahrscheinlech scho laang, well et war zimlech roueg gi ronderëm dee Projet. Dir hutt hinnen en Nol vläicht aus dem Fouss geholl, mä mir wäerten nach oft drop zréckkommen.

Zwee wesentlech Versprieche vun där doter Partei, eent vun de Koalitiounspartner, ginn net agehalen. Se ginn an d'Regierung an halen déi zwee wesentlechst Punkte vun hire Verspriechen net an. Wéi huet et geheescht: Versprach ass versprach, a gëtt net gebrach. Dat war scheinbar nëmme gülteg virun de Wahlen.

Och wat d'Wirtschaft ubelaangt! Ech muss mech leider, Här President, vläicht e bëssen aschränken, mä ech hätt nach munches och dozou ze soen. Well de „laisser faire, laisser aller", wéi d'Lëtzebuerger Land et duergestallt huet an esouguer gesot huet: "Il reste que le ministère de l'économie doit se poser la question de sa raison d'être." Dat heescht, Leit aus der Press stelle sech och scho Froen. Do geet et net duer, dass ee seet an de Chiffere läit dee Minister richteg. E gëtt jugéiert op deem, wat en och gesot huet a wat en erreecht huet. Ech muss soen, d'Lëtzebuerger Wort, wat jo och net am Verdacht steet, eis esou gutt gesënnt ze sinn, seet iwwert d'Foiresried vum Minister am Fréijoer, si wär „inodore, incolore, insipide" gewiescht.

***(Interruption)***

Wat gelift?

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Et muss ee beweisen, wat ee seet. Beweist Dir emol, dass d'Lëtzebuerger Wort lech net gutt gesënnt ass.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, ech stelle fest, datt de Statsminister net mat mir dialogéiert mä mat dem Lëtzebuerger Wort, well do soen déi nämlech och nach: „...längst bekannte Erkenntnisser über den kleinen Wirtschaftsraum Luxemburg", bezeechent ginn d'Sujeten als „Neben-Kriegsschauplatz".

D'Foiresried am Hierscht war enttäuschend. Ugesiichts deene schlechten Zuelen, déi mer zu deem Zäitpunkt iwwert eise Wirtschaftwuesstem haten, hätt ee sech kënne virstellen, dass e Wirtschaftsminister op eng Foire geet, wou d'Acteure sëtzen an nolauschteren, a probéiert hätt eng Opbrochstëmmung erbäi ze féieren a gesot hätt, wat de Programm da wär, deen en elo géing an d'Wee leeden, fir et besser ze maachen.

Dat ass net geschitt. En huet sech beklot, dass d'Wuesstumszuelen eben elo anescht wieren, dass et eng international politesch Ofhängegkeet gëtt, lauter Saachen, déi mer nach net festgestallt haten, an dass kaum eppes ze maache wier, fir en Opschwonk hei zu Lëtzebuerg erbäi ze féieren. Mä en huet awer indiquéiert, do wou, menger Meenung no, de Problem och läit, dass en ee Moment probéiert huet haaptsächlech d'capacités endogènes unzekuerbelen, mä déi hunn net déi richteg Resultater bruecht.

Ech soen lech, am Joer 2001 sinn déi Promotiounsméiglechkeeten, déi de Minister hat, net genotzt ginn, well Investissementer net getätegt gi sinn an der Héicht vu 25 Milliounen. Dat ass net bei der Promotioun op d'Foiren, wou dat geschitt, mä dat ass am Kader vun der Loi-cadre économique. Do seet de Minister selwer: „J'ai redirigé mon action en direction des capacités exogènes." Dat heescht e gëtt selwer zou, dass en ee Moment vläicht net dat gemaach huet, wat en hätt solle maachen, nämlech Prospection économique. E seet et selwer a senger Ried.

Wéi gesot, do muss ech soen, dass niewent aneren onméiglechen Ausdréck, déi e gebraucht huet, en doniewent long. Hien huet geschwat vun der Finanzplaz als „destructrice de la croissance". Mir hu gesot, déi Finanzplaz ass d'Lokomotiv gewiescht vun eiser Wirtschaft. All Wirtschaft brauch eng Lokomotiv a mir solle se fleegen.

Ech well nach eng Kéier drop hiweisen, Här Finanzminister an här Budgetsminister, fir dat, wat muer geschitt. Mir hunn lech de Réck gestäipt bei deem, wat Der bis elo gesot hutt an där doter Fro. Ech bréngen lech an Erënnerung, et sinn Oppositiounsparteie ginn, déi haut an der Regierung sëtzen, déi dat net an der Oppositioun gemaach hunn, wann et net ëm déi Sujete gaangen ass iwwert déi Der muer schwätzt.

Mir wëllen och net, Här President, wéi et virdru mäi Virriedner gesot huet, dass si eng glécklech Hand hunn, dat wëlle mer net. Mir hätte gären, dass se eng kompetent Hand hunn, net eng glécklech. Dat do ass keng Saach déi dem Zoufall - de Virriedner huet dat gesot - kann iwwerlooss ginn, mä wann Dir, Här Finanzminister an Här Budgetsminister, bei där Positioun a bei där Aart a Weis an Ären Démarchë bleift, déi Dir énoncéiert, dann hutt Dir och weiderhin d'Ënnerstëtzung vun eiser Partei.

Iwwer Diversifikatioun kéint ech e ganze Koup erzielen, mä Dir hutt et ugeschwat virdrun, de Virriedner op alle Fall: Wat ass beispillsweis geschitt um Niveau vum Handwierk a vun de Classes moyennes? Do ass 1999 e Plan d'action ugeholl ginn, Här President. 14 Punkten stungen do drop, nozeliesen am Avis vun der Chambre des Métiers. Dovunner realiséiert gi sinn der dräi, zwee sinn en attente an deen anere Rescht - dat kann ee schéi kucken - ass non réalisé. Dat si Beispiller, wou ee seet: Et huet een a rouegen Zäite verpasst, eng ganz Rei Reformen an Ënnerstëtzunge virzehuelen.

Ech ginn lech nach e Beispill. Mir hunn eng deier Etüd bezuelt iwwert d'Geschäftswelt: de Verglach mat Tréier, mat Metz, mat Esch a mat Lëtzebuerg. Do stoungen e ganze Koup Propositiounen dran. Et hätt ee kënnen streiden iwwert déi eng oder déi aner. Et ass quasi näischt realiséiert ginn. E City-Manager, dat schéngt mir dach keng Risenaufgab ze sinn, déi een net kéint als Stat, als Gemeng oder net kéint soss een aneren upaken. Näischt ass realiséiert dovunner. Mir hunn awer eng deier Etüd bezuelt.

Iwwregens, wann ee vun Etüde schwätzt hu mir iwwer dräi Milliarde mëttlerweil an Etüde gestach, a bei ville vun deenen Etüden ass iwwerhaapt näischt eraus komm. D'Etüde leien do, d'Resultater leien do, entweder waren d'Resultater näischt oder dat, wat ee suggéréiert kritt huet, huet een net gemaach. E Guichet unique, och eppes wou dauernd monéiert ginn ass, dass dat endlech soll kommen, näischt ass geschitt. D'Startbedingunge vun de Jonkentreprisen...

M. le Président.- Här Krecké, den Här Haupert wëllt lech gären eng Fro stellen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Och dem Här Haupert, grad wéi munch anerem, kann ech dat doten net verwieren.

M. Norbert Haupert *(CSV).*- Här Krecké, ech wollt emol froen, dee City-Manager, vu weem soll deen da gestallt ginn? Vum Stat, vun de Gemengen oder vun der Geschäftswelt? Am Budget vum Mëttelstandsminister steet e Kredit, fir deen hëllefen ze finanzéieren. Ech mengen, et läit just un der Regierung, fir deen anzestellen.

***(Interruption)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech stelle fest, dass iwwerhaapt näischt geschitt ass op déi kleng Etüd hin. Kuckt, et ass och net u sech um Stat, un der öffentlecher Hand, beispillsweis, déi Plattform ze maache fir d'Zertifikatioun vun den Ënnerschréften. Et ass theoretesch net d'Aufgab vum Stat, fir dat ze maachen, mä d'Privatwirtschaft huet et jo net fäerdeg bruecht.

Wa mir awer higinn an dem Commerce électronique eng legal Basis ginn, a mir mierken, dass dat net vum selwen entsteet, da muss ee selwer higoen an et muss een et selwer ukuerbelen, vu dass et jo awer e Punkt ass vun der Diversifikatioun, beispillsweis. Här Statsminister, Dir hutt gesot, d'Diversifikatioun, dat wieren net nëmmen aner Beräicher, mä dat wier och e Betrib, dee sech ausweit. Net awer dat eleng, et muss een och eenzel nei Beräicher kréien.

Den elektroneschen Handel hätt fir eis eng Chance kënne sinn, mä mir hunn d'Zertifikatioun säit 2000, wou mir d'Gesetz gemaach hunn, net geschafen. Wiem seng Schold et och ëmmer ass. A wann et dann d'Schold vun der Privatinitiativ sollt sinn. Wien huet eis dru gehënnert, well d'Sue waren do am Wirtschaftsministère, hinzegoen a selwer ze probéieren esou eppes unzekuerbelen, a sief nëmmen et unzekuerbele bis et rullt. Dann hätte mir eng Diversifikatioun op deem dote Sujet erbäibruecht. Näischt ass deementspriechend geschitt. Eréischt elo bougéiere mir, esou vill Joer duerno.

Ech muss lech soen, en zweete wichtege Punkt, fir d'Ënnerscheeder ze weisen, ass dee vun der Ausbildung. Wësst Der, wann een hei op eemol liest - an de Ben Fayot wäert lech munch aner Saachen doriwwer soen -, dass d'Chambre des Employés privés Folgendes seet: „Le Gouvernement ne semble guère animé par la volonté d'appliquer une politique de réforme fondamentale. Le terme d'offensive pour la formation laissait présager d'autres résultats. Elaborer des slogans ne suffit pas."

Wa mir dat jo géife soen, da géift Dir soen: Dat do ass bëlleg Oppositioun. Dat do seet awer elo eng Chamber, eng Institutioun. „Notre chambre", lauschtert nëmmen „n'a en effet jamais encore été si peu saisie pour avis" - Här Wiseler sot merci, dass ech lech do esou hëllefen - „sur des projets législatifs que pendant la législature en cours. Depuis plus de trois ans aucun texte d'envergure ne lui a été soumis. Cet état de fait est surprenant et contraire aux propos officiels."

Une voix.- Très bien.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- An der Familljepolitik hu mir och en anere Wee, deen, deen ech virdru schonn ugedeit hunn, vun der Ganzdagsschoul, dee vun de Crèchen. Wa mir muer net wëlle Leit op den Aarbechtsmaart a Länner, déi méi wäit ewech sinn, siche goen, da musse mir dee Potential, dee mir zu Lëtzebuerg nach hunn, kucken op den Aarbechtsmaart ze kréien, an dat sinn d'Fraen.

An da sinn ech bei der Mobilitéit. Et bleift nach ëmmer d'Méiglechkeet vun de Grenzgänger. Ech muss soen: Och do brauch ech net drop anzegoen, wat bis elo geschitt ass. An dee schlechtste Witz, muss ech soen, deen ech awer bis elo materlieft hunn op deem Wee, ass, dass déi éischt Décisioun, déi d'Regierung an den Transportminister hei initiéiert hunn, an deem Moment wou déi schlecht Chifferen op den Dësch koumen, war fir d'Abonnementer méi deier ze maachen, vu 5 op 10%. Wéi wann dat eis géif retten! Wéi wa mir net esou guer bal missten den Nulltarif aféieren, fir dass jiddfereen, deen d'Méiglechkeet huet, op den öffentlechen Transport géing ëmklammen.

Ech muss lech soen, eis Jongsozialisten, déi jo e bëssen zum Ausdrock bruecht hunn e Freideg, wat si denken, hunn de Kapp gerëselt, wéi si héieren hunn, dass elo d'Jumboskaart net 5%, net 10% klëmmt, mä et ass déi, déi dee gréisste Steigerungssaz huet. Si gëtt 15% méi deier. Wann dat d'Approchë sinn, da soen ech lech, do ginn et grouss Ënnerscheeder mat eis: grad wéi et se an der Gesellschaftspolitik gëtt, grad wéi den Här Bodry lech se wäert an der Nohaltegkeet erklären, a grad wéi de Ben Fayot se lech wäert an der Kohäsioun an eiser Gesellschaftspolitik an an der Verwaltungsreform erklären. Iwwert d'Justiz wäerte mir eng Rei Initiativen huelen, a wat de Wunnengsbau ubelaangt - an dat ass den zéngte Punkt gewiescht, fir d'Ënnerscheeder ze ënnerstréichen -, mengen ech, hu mir scho genuch gesot.

Et muss Schluss si mam Reformstau, well wann et esou weider geet ënnert dëser Regierung - ech soen et nach eng Kéier -, dann ass no fënnef Joer, ausser Hearingen, Debatten a Studien - ech hunn lech gesot eleng fir dëst Joer sinn dofir 1,2 Milliarde virgesinn - näischt geschitt. Et ass en Duerchenaner an den Aussoen, de Chifferen an an der Aart a Weis virzegoen. Souguer d'Majoritéitsdeputéierte misste sech déi Froe stellen, besonnesch well et jo Alternative gëtt: an der Schoul, an der Entwécklung vun eiser Wirtschaft, an de Statsfinanzen, an der Erausfuerderung vu Beruff a Famill, bei de Wunnengen, am Verkéier, an der Liewensqualitéit, an der Justiz, an der Sécherheet an an der Gesellschaftspolitik.

Wéi sot schonn den Här Weiler - et deet mir Leed, Här President, ech muss hien awer zitéieren -, deen ouni et ze wëllen et op de Punkt bruecht huet am Fréijoer 2002: „Diese Koalition ist eine Koalition der wichtigen Erfolge. Sie ist auch eine Koalition der aktiven Zukunftsplanung. 2004 wird Luxemburg bereits ein anderes Land sein, als jenes, das 1999 dieser Koalition zu einer Mehrheit verholfen hat."

Des voix.- Très bien.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dat ass richteg, mä ech muss lech soen: Wann dat esou weidergeet, Här Weiler, da kritt Dir Recht, dass Dir effektiv en anert Land hannerloosst no deene fënnef Joer, mä dann ass et an engem erbärmlechen Zoustand.

Dës Regierung huet weder Viraussiicht nach Ëmsiicht un den Dag geluecht.

***(Interruption)***

Här Schummer, Dir sidd eréischt komm, Dir hutt besser, Dir géift lech elo enthalen.

Dës Regierung huet déi wirtschaftlech a finanziell Realitéite verkannt an huet kee Konzept, fir eng schwiereg Zukunft unzegoen. Dat huet dëst Land a seng Bierger net verdéngt. Dofir däerf dës Regierung - an de Jean Asselborn, mengen ech, huet lech et scho gesot - nëmmen eng Iwwergangsregierung sinn. Dat ass scho schlëmm genuch. Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- C'était excellent.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. D'Wuert huet den Här Rippinger.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- D'Lat läit héich, Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech hu jo Héichsprong gemaach.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech gewëss Aussoe vu mengem Virriedner héieren hunn, do kommen ech wierklech aus dem Staunen net eraus, ganz besonnesch bei deem, wat hien iwwert d'Rockhal gesot huet, wou ënnert der viregter Regierung jo fir 300 Milliounen e Projet gestëmmt ginn ass a wou elo ee soll virleien iwwer 1,2 Milliarden.

Den Här Krecké huet gesot: „Wa mir d'Rockhal du gebaut hätten, dann hätte mir se haut." Jo, mir hätten se haut, mä si kéim bei hien an d'Kommissioun vum Contrôle de l'exécution budgétaire, esou wéi déi véier aner Projeten, wou Dépassementer waren, wéi de Pei-Musée, de Prisong, d'Coque um Kierchbierg an de Campus Geesseknäppchen. Dat ware lauter Projete vum Här Goebbels, déi mir an déi Kommissioun kritt hunn, well do Dépassementer waren. Mat der Rockhal, Här President, wär et wierklech net aneschters gaangen.

Une fois n'est pas coutume, Här President. Et ass meng Flicht, mengen ech, a meng Schëllegkeet, als President vun der DP-Fraktioun, dem Rapporteur Emile Calmes, ze félicitéiere fir säin exzellente Rapport, deen hie gemaach huet. Hien huet vill Lorbeere kritt an den Zeitungen. Ech mengen, dat ass och berechtegt. Dir verstitt, dass ech dat soen, well wann een an 19 Joer zweemol de Rapport vum Budget mécht, dann ass dat jo awer schonn eng Performance. Hien huet interessant an nei Weeër a Pisten opgezeechent, a vill perséinlech Observatiounen an dee Rapport afléisse gelooss.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt an dëser Legislaturperiod stinn dëst d'Joer d'Diskussiounen ëm de Vote vum wichtegste Projet de loi vum Joer, dem Budget 2003, ënner aneren Zeechen, wéi mir dat bis elo gewinnt waren. Dës Diskussioune fanne statt op engem Arrière-fond vun Erkenntnis, dass Lëtzebuerg net, wann och méi spéit, vun den Turbulenzen op den internationalen a virun allem den europäesche Marchéé verschount bliwwen ass.

Mir konnten an deene leschte Wochen a Méint feststellen, dass esou munch Ekonomien, déi an eisem direkten Ëmfeld sinn, wéi Däitschland a Frankräich, d'Ausleefer vun där internationaler Kris staark ze spiere kritt hunn. Dobäi kënnt dann nach, dass se vun Naturkatastrophen net verschount bliwwe sinn. Déi Schwieregkeeten, déi déi Länner hunn an dozou gehéiert och Italien, muss een an där Hinsicht betruechten, dass déi Ekonomien an der Euro-Zon sinn a Problemer hunn d'Objektiver vum Pacte de stabilité ze erreechen.

An deem Kontext ass jo dunn och d'Fro opkomm, ob een d'Stabilitéitskritären änneren oder se op d'mannst aneschtes interpretéiere soll. Grondsätzlech ass et jo esou, dass een am beschten näischt ännere soll, well een d'Vertrauen, dat d'Mäert an den Euro hunn, soss géing schwächen. Wann een déi Länner awer elo opfuerdert, dass se eng exzessiv budgetär Rigueur un den Dag leeën, da bremse si hir Ekonomie an dat huet och negativ Konsequenzen op d'Ekonomien aus der Euro-Zon. Dofir schéngt le moindre mal deen ze sinn, dass een envisagéiert d'Referenzzäit vun 2004 op 2006 ze setzen. Dat kënnt och e positiven Afloss op d'Mäert hunn. Nach gëllt et awer fir all Ekonomien aus der Euro-Zon, esou schnell wéi méiglech ze probéieren, erëm d'Objektiver vum Pacte de stabilité ze erreechen.

Wat elo Lëtzebuerg ubelaangt, elo wou mer duerch d'statistesch Donnéeën en anert Bild vun der finanzieller a wirtschaftlecher Situatioun vun eisem Land virleien hu wéi am Fréijoer, wou de Budget opgestallt ginn ass, huet d'Regierung

liicht Kurskorrekturen, esouwuel bei de Recettë wéi awer och bei den Dépensë virgeholl.

Elo kréie mir vun der LSAP virgeworf, d'Regierung wier an en hekteschen Aktivismus verfall, et wären Aschnëtter am Budget beschloss ginn, ouni doduerch awer d'Finanzproblemer vum Land grëndlech unzegoen. De Misär vun der LSAP ass, dass si sech ëmmer an hiren eegene Kontradiktioune verstréckt an doduerch e Bild vu Konzeptloosegkeet gëtt. Wann een awer éierlech ass, wéi si dat ëmmer vun deenen anere verlaangt, muss ee sech d'Fro stellen, wat ass da wierklech geschitt tëschent dem Opstelle vum Budget an der Presentatioun vu sengen Eckwäerter am Juni an der Redaktioun vum definitive Rapport.

Dat wat mer iergendwou ëmmer wossten, awer ni richteg wouer wollten hunn, ass agetraff. Lëtzebuerg ass net blindéiert géint déi Turbulenzen, deenen déi international Mäert ausgesat sinn. D'lëtzebuergesch Ekonomie ass awer nach ëmmer kompetitiv. D''lëtzebuergesch Konjunktur spiert just elo, an dat eben e Krack méi spéit, wéi déi aner Länner an Europa an an der Welt, den allgemenge wirtschaftlechen Ofschwonk, an esou zeechent sech, an eisen Aen, eng gutt Regierung doduerch aus, dass se beduecht an iwwerluegt op Situatioune reagéiert vun deenen d'Wuel vun eisem Land ofhänkt. Dat hei ass onweigerlech esou eng Situatioun.

Eng gutt Regierung, eng kompetent Regierung, sent och déi richteg Signaler un d'Bevölkerung an och un déi wirtschaftlech Milieuen. Si verfält net an eng Psychos a mécht och net anerersäits, wéi wann näischt geschitt wier. D'Regierung sent déi Signaler, déi Vertraue ginn. Dat ass keen einfachen Exercice, well et geet drëm, de Leit d'Situatioun objektiv ze erklären an dat ouni se besser oder méi schlëmm ze maachen, wéi se a Wierklechkeet ass. Well d'Prognose vum Summer an dem Hierscht net méi gestëmmt hunn, war de Budget net méi kompatibel mat den deemools bekannten Donnéeën. Dass dësen Ëmstand virun allem der gréisster Oppositiounspartei Grond war, fir der Regierung wëllen e Stréck doraus ze dréien, léisst déif blécken.

„Endlich ein Thema, das sich so richtig für eine parteipolitische Auseinandersetzung mit der CSV-DP Koalition anbietet", ass mat Erliichterung am Tageblatt den 19. November 2002 geschriwwe ginn. Endlech hätt jo elo d'sozialistesch Partei en Thema, dëst nodeems se dräi Joer, menger Meenung no, zimlech erfolleglos an der Oppositioun verbruecht huet.

Déi eenzeg Fro, déi een zu där neier Situatioun stelle kann, ass déi hei: Konnt dës Regierung dat viraus gesinn? War eng korrekt Aschätzung méiglech? An do drängt sech fir mech eng éischt Feststellung op: Kee vun den Acteuren aus Industrie an Handel huet dëse Ralentissement an där Envergure virausgesinn. Keng politesch Partei heibannen, och d'LSAP net, déi au contraire nach méi Fuerderunge gestallt huet, huet dat viraus gesinn. Och net déi Zeitung, déi der LSAP nosteet, huet et komme gesinn, well soss hätt se net nach ufanks August an hirem Leitartikel getitelt: „Das Budget ist falsch", a gesot, de Stat géing vun eleng lafen an d'Finanzplaz wier florierend a mir hätten eng Schönwetterregierung.

Keng Gewerkschaft an och keng Stëmm aus der Société civile, och net vun deenen, déi de Konvent wëllen, hunn dat do komme gesinn. De Statsminister huet dat bestätegt an huet gesot, dass weder d'Europäesch Kommissioun nach d'OECD et komme gesinn hunn. Am Fréijoer hu se nach mat enger Croissance vun 2% gerechent an drop tabléiert, dass d'Situatioun sech esouguer géing am zweete Semester erkréien. Et gouf keng Warnzeechen am Ufank vum Joer, weder um Aarbechtsmaart nach op Säite vun de Steiereinnahmen.

Schliesslech hunn dem STATEC seng statistesch Donnéeën, wéi de Rapporteur gesot huet, wéi eng Bomm ageschloen. Här President, dorobber huet dës Regierung déi richteg Décisioune geholl an op deene Parameteren, déi hir zur Verfügung stongen, e ganz klore Message ginn, e Message, dee sech och an deem modifizéierte Budget fir d'Joer 2003 erëmspigelt. D'Situatioun ass eescht, mä si ass net katastrophal an net hoffnungslos. Au contraire, den Investitiounsniveau bleift nach wie vor héich, un der Steierreform gëtt net geréckelt an dat gëllt och fir d'Renten- an d'Pensiounsupassungen.

Den Accord salarial an der Fonction publique ass net a Fro gestallt an de Mindestloun, d'Renten an d'Pensioune gi weiderhin ugepasst un d'Evolutioun vum Lounniveau. Och wäert den Index bestoe bleiwen. Dat huet de Statsminister am Numm vun der Regierung nach eng Kéier d'lescht Woch op dëser Plaz confirméiert an dat ënnerschreift meng Fraktioun mat zwou Hänn. Et gëtt also net um sozialen Acquis gefréckelt.

Ech wëll och de Gewerkschaften hir äusserst responsabel Haltung an der Tripartite ervirsträichen, de Gewerkschaften, dem Patronat an och de Chambres professionnelles.

Wat huet dat dann elo zur Konsequenz? Dass mer op all deenen Niveauen, déi ech elo opgezielt hunn, esou virufuere wéi bis ewell. Mir förderen an ënnerstëtzen domadder de Konsum a kuerbelen eis Ekonomie weider un. Mir brauche keng Moossnamen ze huelen, déi d'Ekonomie relancéieren, dëst well mer déi Moossname jo scho geholl hunn, a mir spieren och schonn, dass d'Steierreform, déi mer an zwou Etappen duerchgezunn hunn, eis virun engem méi abrupten Erwäche geschützt huet. An dësem Zesummenhank kann ech d'Haltung vun der grénger Partei net deelen, déi sech d'lescht Joer géint d'Steierreform gestäipt huet a sech elo confirméiert gesäit.

***(Interruptions)***

Si si sech, an do deelen ech och d'Aschätzung vum Premier, zwar an hirer Logik an an hirer Argumentatioun konsequent bliwwen, mä dës Argumentatioun deelen ech net, well se, a mengen Aen, faktesch falsch ass. Ech sinn net der Meenung, dass d'Steierreform op Sand gebaut ass, wéi déi gréng Partei nach d'lescht Joer, de 6. Dezember, an enger Presseerklärung dat formuléiert huet. Ech sinn net der Meenung, dass duerch d'Steierreduktioun, oder wéi si et genannt hunn, de Steierdumping, de Stat riskéiert mëttelfristeg an eng Finanzéierungskris ze kommen. Effektiv ass et éischter esou, dass duerch d'Steierreform de Konsum ënnerstëtzt gëtt, wat der Wirtschaft finalement zegutt kënnt. A wat der Wirtschaft, dat heescht der Industrie, de Betriber an och dem Handel zegutt kënnt, spigelt sech dann och positiv am Steieropkommes erëm. Ech deelen do genee d'Aschätzung vun eisem Finanzminister, dass d'Steierreform eist Land virun engem vill méi prononcéierte Fall no ënne protégéiert huet.

Dat alles ass awer och nëmme méiglech, well mer iwwer äusserst gesond Statsfinanze verfügen. D'Statsschold ass minimal, a léisst eis genuch Sputt fir verschidden Investissementer, wann et noutwendeg géing ginn, si iwwer Emprunten ze finanzéieren. Mat de Plus-valuë vun deene leschte Joren hu mer eis Investitiounsfonge gutt opgestockt an eis och eng Reserv ugeluecht. Weiderhi kënne mer op deen oft zitéierten Apel fir den Duuscht zréckgräifen, andeem d'Steierverwaltung déi sou genannte Provisioune vun de Banken, déi déi an deene leschte Joren ugeluecht hunn, fir hir Steieren ze bezuelen, eben andreift. Dat soll eis, mat aller Virsiicht awer, Grond genuch sinn, fir zouversichtlech an d'Zukunft ze kucken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Kontext ass awer och e verantwortungsvollen Ëmgang mat de Statsfinanzen eng wichteg Viraussetzung, fir de Budget an eis Wirtschaft net nach zousätzlech ze belaaschten. An dësem Sënn ass d'Entscheedung vun der Regierung och richteg, niewent dem Ajustement vum Mindestloun vun 3,5%, dëse Moment keng weider aussergewéinlech Upassung vum Mindestloun virzehuelen, sou wéi se vun der LSAP gefuerdert gëtt. D'Regierung läit an den Ae vun der DP-Fraktioun richteg, wa si dëse Moment eis Wirtschaft, a virun allem eis Kleng- a Mëttelbetriber net mat enger aussergewéinlecher Erhéijung vum Mindestloun nach weider wëllt belaaschten, dëst virum Hannergrond vun engem momentan méi schwéiere wirtschaftlechen Ëmfeld, wou sech eng entspriechend Erhéijung kéint als kontraproduktiv erweisen, wat zum Beispill d'Ofsécheren an d'Schafe vun neien Aarbechtsplaze betrëfft.

Mir wësse jo, datt d'LSAP, duerch hire sozialpolitesch engagéierte Vertrieder, eng entspriechend Proposition de loi déposéiert huet, déi eng Upassung vum Mindestloun vu 7% virschléit.

Dës Initiativ, datéiert op de 16. Juli 2002, also an engem Moment, wou d'Wolleken um Lëtzebuerger Himmel nach net esou gro geschéngt hunn. Et war also eng Initiativ, déi dee Moment verständlech war, an och conforme war zu enger entspriechender Motioun, déi d'Chamber den 21. Dezember 2000 ugeholl hat. De 6. November an den 20. November, also an engem Moment, wou de Sickerbrand schonns amgaang war, huet d'LSAP a Pressecommuniquéen awer d'Majoritéit opgefuerdert, hir Propositioun dach endlech unzehuelen.

Wann een awer weess, datt déiselwecht Partei op enger vun hiren zahlräiche Pressekonferenzen, an zwar den 18. November, der Regierung wirtschaftlech Inkompetenz virgeworf huet an d'Sozialisten erkläert hunn, si wäre prett hir Verantwortung ze iwwerhuelen, da kann ech nëmme soen, dass ech dëst Behuele regelrecht paradox fannen, an datt hiert Festhalen un der siwe-prozenteger Erhéijung méi wéi wahrscheinlech aus reng populisteschen a wahltaktesche Grënn motivéiert ass.

D'Majoritéit beweist awer - an dat soen ech mat Iwwerzeegung - mat dëser Virgoensweis eng grouss Verantwortung, fir déi Akzenter ze setzen, déi den Zäiten, wéi mir se haut hunn, entsprieche mussen, a si bleift conforme zu där schonns ugesprachener Motioun vum 21. Dezember 2000, wou d'Regierung opgeruff ginn ass, fir eng entspriechend Erhéijung vum Mindestloun ze analyséieren.

Här President, d'Previsioune soen, dass am zweete Semester 2003 déi international Konjunktur géing erëm usprangen. D'Auswierkungen dovunner, wann dat dann esou géing kommen, wäerte mer awer méi spéit feststellen. Fakt ass, dass den Apel fir den Duuscht eis iwwert d'Joren 2002, 2003 an 2004 ewechhëlleft.

Meng Fraktioun an ech begréissen et awer, dass de Premier gesot huet, dass d'Regierung wëlles huet, esou ze agéieren, dass déi Regierung, déi no de Wahlen 2004 d'Geschécker vum Land an d'Hand hëlt, gesond Finanze virfënnt. Och de Fait, dass hien d'Land aus wahlstrategesche Grënn net beléie wëll, kënne mir nëmmen approuvéieren.

Mir stinn net nëmmen dofir, mä mir fuerderen dat och. D'Kaarte leien all um Dësch, an dat ass och richteg esou.

Nach ass et awer esou, dass mer elo net einfach d'Hänn an de Schouss leeë kënnen an emol ofwaarden, bis dass besser Zäite kommen oder d'Previsiounen eis schénge gutt gesënnt ze sinn. Mat deene Previsiounen ass dat jo esou eng Saach, wéi mer dat jo elo feststelle konnten.

Fir d'Fiabilitéit vun den Donnéeën, den Informatiounen an de Pronostiquë vun de statisteschen Instituter ze erhéijen, an domadder och d'Fiabilitéit vum Gesamtbild vun eiser wirtschaftlecher Situatioun ze verbesseren, muss eng méi grouss Periodicitéit vum statistesche Bild vun der finanzieller a wirtschaftlecher Situatioun erreecht ginn. Fir dat ëmsetzen ze mussen, mussen och déi néideg Efforte gemaach ginn, souwuel en hommes wéi och en matériel. Et ass dofir ze begréissen, dass de Wirtschaftsminister wëlles huet, de Kader vum Statec opzestocken.

D'Steierverwaltung ass och e wichtegt Element, op Basis vun där hiren Zuelen de Budget opgestallt gëtt. Hei scheitert awer leider de Wëllen, fir och déi Verwaltung ze verstäerken, u Schwieregkeete beim Recrutement. Et wier awer enorm wichteg, an de Rapporteur huet zu Recht dorobber higewisen, dass dës Verwaltunge géingen emol esou outilléiert ginn, datt se fiabel Analysen a Prognose kéinten opstellen.

Här President, ech sot, mir däerften d'Hänn net an d'Schouss leeën, an op besser Zäite waarden. Mir sinn eis alleguerten eens, dass de Finanzsecteur den zentrale Pilier vun eiser Ekonomie duerstellt. E mécht dee gréissten Undeel vun de Recetten an eisem Budget aus. De Finanzsecteur beschäftegt vill Leit. Ech brauch wuel weider net dorobber anzegoen, wat fir en direkten an indirekten Afloss hien op eis Ekonomie huet. Aus deem Grond, musse mir dofir suergen, dass mir dee Secteur weider ënnerstëtzen, andeem mer d'Palette vun de Produkter, déi an deene leschte Jore schonns méi grouss ginn ass, weider ausweiten.

Mir ënnerstëtzen och d'Efforte vun dëser Regierung, dass et zu kengem automateschen Informatiounsaustausch op europäeschem Niveau komme kann, wann Drëttstate sech net deenen nämlechten Dispositiounen ënnerwerfen, sou wéi dat zu Feira, fir d'Membere vun der EU, zréckbehale ginn ass. D'Bankgeheimnis ass a bléift e wichtegt Instrument fir d'Lëtzebuerger Finanzplaz.

Här President, mir mussen de Finanzsecteur, an domadder also eis Ekonomie, stäipen. Zu enger effizienter Ënnerstëtzung vun eiser Ekonomie gehéiert awer och, se ze diversifizéieren. Et geet drëms, eiser Ekonomie nach aner Standbeener opzeriichten. An deem Kontext huet dann och d'LSAP sech zu Wuert gemellt, wou se an engem Wendemanöver, deen eigentlech sengesgläiche sicht, hir verfréit Panikreaktioun probéiert huet vergiessen ze doen. Déi weltwäit wirtschaftlech negativ Evolutioun sollt der Lëtzebuerger Regierung an d'Zensur geschriwwe ginn.

D'Regierung ass kal erwëscht ginn. Si ass mat engem verdeckte Freudesschrei den 18. November op eng séier aberuffe Pressekonferenz geruff ginn, an déi interesséiert Öffentlechkeet ass gewuer ginn, datt si, d'Sozialisten, dat eigentlech schonns ëmmer gewosst hätten. Si hätten et aneschters gemaach. Selbstverständlech. Si hätten et besser gemaach.

Et ass mat Schlagwierder geschafft ginn, fir bei de Leit e Gefill vu Panik auszeléisen. Ech zitéieren: „Der Lack ist ab, die Regierung steht nackt da, vor einem riesigen Scherbenhaufen, diese Leute" - gemengt sinn déi an der Regierung - „sind nicht fähig, nicht als es dem Land gut ging und auch jetzt nicht". Oder nach: „Wo ist die ruhige Hand zum regieren? Ich sehe nur eine hektische zitternde". Dat si Citatioune vun den Häre Bodry a Krecké, déi si bei där Pressekonferenz zum Beschte ginn hunn. Soss hat d'LSAP net vill ze soen.

A wéi si dëst, fir si dach éischter blamabelt Optrieden, gemierkt huet, huet d'Lëtzebuerger Sozialistesch Aarbechterpartei de leschten 2. Dezember hiren 21-Punkte-Programm fir eng Standortoffensiv presentéiert. Allerdéngs, et war grad esou blamabel, wéi mer feststelle konnten, datt d'Iddien, déi se virgestallt hunn, schonn am Projet de rapport vum Budgetsrapporteur drastongen, deen e puer Deeg virdrun un déi zoustänneg Memberen aus der Finanzkommissioun verschéckt gi war.

Dee Fall hate mer schonns eng Kéier mat der LSAP hire Propositiounen zu der Bildung. Mä ier ech e bësse méi genau op der LSAP hiren 21 Punkte-Programm aginn, wëll ech just nach eng Kéier betounen - an de Statsminister huet dem Wirtschaftsminister jo d'lescht Woch och zougestëmmt -, dass mer net n'importe comment et à n'importe quel prix diversifizéiere wëllen.

Esou ass et…

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- D'Atomenergie wëllt Äre Wirtschaftsminister erbäibréngen.

Här Rippinger, en huet souguer vun Atomenergie geschwat. Wann dat Diversifikatioun ass, da soe mer och do neen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Esou ass et einfach fir d'LSAP, mat virop dem viregte Wirtschaftsminister, fir ze behaapten, et wäre keng nei Betriber an deene leschte Joren ugesidelt ginn. Esou eng Behaaptung ass faktesch falsch, a scho regelrecht de mauvaise foi. Wann een dann och de Fait, dass een d'Betriber, déi schonns zu Lëtzebuerg sinn, an déi weider hei zu Lëtzebuerg investéiere wëllen, als Quantité négligeable ofdeet, dann huet een awer endgülteg de Bock ofgeschoss.

An de Joren 2000 an 2001 sinn 28 nei Aktivitéite gestart ginn, wat Investissementer vun 229 Milliounen Euro ausmécht a 719 nei Aarbechtsplazen. Dozou gehéiert och d'Guardian, déi zu Käerjeng eng nei Fabrik opgemaach huet, wat en Investissement vun 108,1 Milliounen Euro ausmécht. Mä fir eis Kolleegen aus der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei an alle virop de fréiere Wirtschaftsminister sinn dat just nëmme Peanuts. Dës Regierung huet genau erkannt, ëm wat et geet.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dorun zweifele mer.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Mir mussen de Kontakt mat de Mammenhaiser vun deene Gesellschaften, déi schonns hei zu Lëtzebuerg sinn, oprecht erhalen. De Wirtschaftsminister, den Henri Grethen, ass dofir och schonns ënner anerem an Amerika bei d'Goodyear gewiescht a bei Astron Building Systems. E war och a Japan op Promotiounstour, an och do huet e mat de Responsabele vun de Mammenhaiser geschwat.

Dir wësst jo, dass mer an dëser Regierung - an Dir ënnerstellt eis dat jo ëmmer - vill op d'Dialogkultur leeën. Déi Konsolidéierung vun de Kontakter mat de Mammenhaiser ass also net vun ongeféier. Si ass wichteg, fir deene Gesellschaften ze weisen, dass mer Wäert op hir Presenz hei zu Lëtzebuerg leeën. Si komme jo bestëmmt net well mir Lëtzebuerger sinn a well mir esou schéin Aen hunn.

Gläichzäiteg gëtt no neien Investisseure gesicht. An do zielen ech just op, wou den Henri Grethen am Joer 2001 war, dat heescht an Isra-

el, a Korea, a Finnland an a Schweden. Wann een esou een Effort de promotion mécht, dann ass et och wichteg dat Produkt, an eisem Fall ass et eist Land, op eng kohärent Manéier dobaussen ze presentéieren. Dofir ass et och ze begréissen, dass de Ministère des Affaires étrangères mat all deene concernéierten Acteure vun eiser Ekonomie sech drugesat huet, fir e Konzept auszeschaffen, wat d'Promotioun vun enger Image de marque ubelaangt.

En entspriechende Logo ass dëst Joer presentéiert ginn an eng Broschür ass ausgeschafft ginn, déi et den Acteuren aus eiser Ekonomie erlaabt, bei hiren Déplacementer hiren Interlocuteuren a kuerzen a prägnanten Zich d'Atouten, souwuel gesellschaftlecher, sozialer wéi och ekonomescher Natur, virzestellen.

Dat, Här President, ass also déi eng Schinn op där eis Diversifikatiounspolitik fiert. Déi aner ass déi, dass mer de sougenannten Développement endogène virundreiwen. Et muss dee richtege Kader gestallt ginn, fir den Esprit d'entreprise ze förderen. Dat ass de steierleche Kader, an de legislative Kader, deen der wirtschaftlecher an technescher Entwécklung Rechnung dréit. Dat sinn d'Subventioune fir d'Betriber an der Recherche an am Développement. Dat sinn déi néideg Infrastrukturen, déi d'Nidderloosse vun neie Betriber favoriséieren. Dee Kader soll et erlaben, den Développement endogène virunzedreiwen a gläichzäiteg auslännesch Investisseuren op Lëtzebuerg unzezéien.

Ech wëll hei net op all Element agoen, den Här Calmes huet dat in extenso op eng ganz anschaulech Manéier a sengem Rapport gemaach, villméi wéilt ech e puer Elementer erauspicken a se mat deene vun der LSAP konfrontéieren. Un éischter Stell wëll ech awer de Rapporteur nach eng Kéier a sengem Rapport zitéieren, wou e Folgendes seet: „Tout d'abord, le rapporteur voudrait rappeler que toute initiative du gouvernement tendant à encourager le développement, la diversification et la compétitivité économique découle du devoir des pouvoirs publics à chercher des moyens soutenant l'établissement de nouvelles entreprises."

Dat gesot, Här President, kommen ech elo op déi Elementer ze schwätzen, déi mäin Interessi ganz besonnesch ugereegt hunn, wéi ech der LSAP hiren 21-Punkte-Programm gelies hunn. Staatlech Subventioune si wichteg fir de Betriber ze hëllefe sech ze établéieren. Do ass fir unzefänken emol d'Kadergesetz iwwert den Développement an d'Diversification économique vun 1993, dat am Joer 2000 modifizéiert ginn ass.

Dat Gesetz gesäit staatlech Subventiounen an der Recherche, am Développement, am Ëmweltschutz an an der rationeller Utilisatioun vun den Energië vir. Dozou kommen dann och d'Instrumenter vun der SNCI. De Rapporteur huet a sengem Rapport gesot, dass ee sech Gedanke sollt maachen, fir nieft der SNCI nach aner Instrumenter ze schafen, déi et Lëtzebuerg géingen erlaben, an neie Wirtschaftszweigen e Rôle d'avantgarde ze spillen. E puer Deeg méi spéit kënnt dann d'LSAP mat hirem 21-Punkte-Programm a verkënnegt ganz houfreg, dass nei Instrumenter misste geschafe ginn, fir d'Betriber ze ënnerstëtzen. Si erwähnt do och, dass d'SNCI eng méi aktiv Roll spille misst.

***(Brouhaha général)***

D'LSAP hat wahrscheinlech verpasst dem aktuelle Wirtschaftsminister bei senger Foiresried vun dësem Joer nozelauschteren, soss wéisst si, dass d'SNCI décidéiert huet, sech un engem israelesche Fong fir capital-risque am Domaine vun den neien Technologien ze bedeelegen.

D'LSAP seet och, et misst eng effizient Plattform geschafe ginn, wat de Commerce électronique ubelaangt. Domadder huet se Recht, mä den Här Calmes seet genee datselwecht a sengem Rapport, dee jo bekannterweis virum ominösen 21-Punkte-Programm vun der LSAP erauskomm ass. Hie seet, an ech zitéieren:...

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir hat en, mä mir haten en net.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- En ass donneschdes owes um Véierel op sechs erausgaangen an d'LSAP hat hir Pressekonferenz méindes. Si haten also iwwert de Weekend gutt Zäit sech do ze inspiréieren.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Wann ech Iech soen, wat dee Weekend alles lass war.

Une voix.- O Mamm!

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- „Le commerce électronique est un domaine où le Luxembourg doit également se mettre en tête de peloton." D'LSAP bleift sech konsequent a widderhëlt an hirem eegene Programm, an ech zitéieren: „Nach dem Inkrafttreten des Gesetzes über den elektronischen Handel fehlt es allerdings noch immer an einem performanten Instrument zur Zertifikation der elekronischen Unterschrift."

Wann d'Lëtzebuerger Sozialistesch Aarbechterpartei dem heitege Wirtschaftsminister besser nolauschtere géing a manner deem fréiere Wirtschaftsminister, da wéisst se, dass den Henri Grethen de leschten 2. Oktober virun der Chambre des Métiers gesot huet, dass schonns den 1. Juni 2001 e Règlement grand-ducal geholl ginn ass, fir de Kader fir d'Signature électronique ze setzen.

***(Interruption)***

D'LSAP wéisst dann och, dass et net esou evident ass, déi néideg technesch Normen opzesetzen, déi fir d'Prestataires de services gëlle sollen, well déi Normen, déi an Europa an an der Welt gëllen, fir de Moment op jidde Fall, nëmmen deelweis public sinn.

Weiderhi wier d'LSAP och au courant, dass den heitege Wirtschaftsminister eng Plattform fir eng Public Key Infrastructure an d'Liewe geruff huet, wou d'Expären déi beschte Sécherheetsnorme selektionéieren oder ausschaffe sollen. Dat soll et och erlaben, déi néideg Prozeduren ze entwéckelen, déi déi privat esou wéi déi öffentlech Réseauen ofséchere sollen.

Här President, an dann huet d'LSAP nach e ferme Problem.

***(Brouhaha général)***

Et geet net duer, datt si dem fréiere Wirtschaftsminister ze vill nolauschtert, mä si lauschtert him och nach falsch no. D'LSAP weess selwer herno net méi, wat se mécht.

Oder wéi erkläert se sech, dass dee fréiere Wirtschaftsminister behaapt, dass mer et géinge verpennen an d'Biotechnologien anzeklammen. An hirem faméisen 21 Punkte-Programm seet d'LSAP: „Die als Wirtschaft der Zukunft angesehene Biotechnologiebranche ist in Luxemburg immer noch ein Tabu. Berührungsängste der aktuellen Verantwortlichen verhindern die Niederlassung von Firmen dieses neuen Industriezweiges."

Ech froe mech, ob eis Sozialiste vergiess hunn, dass se eng Motioun gestëmmt hunn am Kader vun den Diskussiounen iwwert de Projet de loi, deen d'Transpositioun vun der Direktiv iwwer d'Protection juridique des inventions biotechnologiques, wou d'Regierung opgefuerdert gëtt, déi Direktiv ze renégociéieren? Déi Motioun ass jo net nëmme vun deene mannsten ënnerschriwwen. Si ass ënnerschriwwe gi vun den Häre Krecké, Bodry a Fayot.

A stellt Iech vir: Wien hat déi Motioun erabruecht? D'Madame Delvaux. Bei der LSAP schéngt déi riets Hand net méi ze wëssen, wat déi lénks Hand mécht, oder wéi soll ech dëst paradoxt Behuele verstoen?

D'Chamber huet déi Motioun deemools gestëmmt - an ech war jo President, a sinn et jo nach, vun der Ethikkommissioun, wou dat geschitt ass -, well mer verschidde berechtegt Awänn haten, wat déi Direktiv ubelaangt. Et waren awer bestëmmt net déi politesch Responsabel, déi gebremst hunn, oder, wéi si schreiwen, Berührungsängscht gehat hätten.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ass da schonn nei verhandelt ginn?

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech kéint elo ouni Weideres virufueren.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här Rippinger, wat sinn dann d'Resultater vun deenen Neiverhandlungen?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- De Minister wollt deemools net verhandelen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Wéi sinn dann d'Resultater dovun, opgrond vun där Motioun vun der Chamber?

***(Interruptions diverses)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech kann den Här Di Bartolomeo berouegen. D'Kommissioun huet eng Hausaufgab kritt a si ass opgefuerdert ginn, dann och en Inventaire opzestelle vun deem, wat se an där Direktiv net gutt fënnt. Do hu mer zwee Rapporteure genannt: ee fir de juristeschen Aspekt, dat ass d'Madame Durdu, an ee fir den etheschen Aspekt, dat ass d'Madame Delvaux.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ah, très bien. Wann d'Madame Delvaux dobäi ass, da sinn ech iwwerzeegt, dass et eppes gëtt.

***(Brouhaha général)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech mengen, dat gëtt dem Här Di Bartolomeo eng ganz satisfaisant Äntwert.

Une voix.- Egal wat.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- D'Madame Durdu weess emol näischt dovunner. Här Rippinger, Dir hutt d'Madame Durdu elo um ganz falsche Fouss hei erwëscht, well si weess näischt vun hirer Missioun.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Neen, Här President, dat stëmmt net. Dat ass an engem Procès-verbal festgehalen. Mir wäerten am Januar dorobber zréckkommen, dass mer dem Minister den Argumentaire liwweren, deen d'Kommissioun opgestallt huet, fir dass hie kann zu Bréissel bei der Kommissioun intervenéieren. Esou einfach ass dat. Dir braucht nëmmen d'Procès-verbaux anzekucken.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech stelle just fest, Här Rippinger, dass Dir schéin an d'Ruddere komm sidd.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Mir schéngt et, Här President, wéi wann d'Sozialisten elo ufänken, souguer d'Evidenz selwer nach ze bestreiden.

***(Hilarité)***

Ech kéint also ouni Weideres virufueren, mä wann ech dat géing maachen, da wier den 21-Punkte-Programm, dee jo awer scho bal e Plagiat ass vum Emile Calmes sengem Rapport, emol net méi de Pabeier wäert, op deem e geschriwwen ass.

Den 21-Punkte-Programm weist, dass d'LSAP sech a Kontradiktioune verzettelt a mat Iddië kënnt, déi scho laang amgaang sinn, realiséiert ze ginn, oder wou d'Regierung schonns d'Démarchë gemaach huet, fir dat ëmzesetzen. Trotzdeem bleiwen ech awer mat der LSAP an eppes d'accord: D'Diversifikatioun an den Développement vu bestehende Betriber si wichteg. D'Diversifikatioun ass e Prozess, dee scho längstens um Lafen ass. Et soll een awer elo net higoen an d'Leit gleewen dinn, datt ee vun haut op muer eis Ekonomie ëmkrempele kéint. Dat ass net méiglech an d'Sozialiste missten dat jo eigentlech opgrond vun hirer honnertjähreger Erfahrung wëssen.

Ech wéilt hei ervirsträichen, dass een alleguerten d'Opportunitéiten, déi sech an der Diversifikatioun opmaachen, objektiv betruechten an analyséiere soll, wat eigentlech der Ekonomie, an notamment der Lëtzebuerger Ekonomie, eppes bréinge kann. De Protokoll vu Kyoto, mat senge flexible Mechanismen, ass esou en Domän, deen et derwäert ass, méi genau ënnert d'Lupp ze huelen. Mäi Fraktiounskolleeg Claude Meisch wäert dee Sujet méi ausféierlech traitéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et besteet keen Zweifel, dass d'Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft zu engem grousse Prozentsaz vun enger motivéierter a virun allem héichqualifizéierter Main-d'oeuvre ofhängeg ass. An Zäite wéi haut gëllt dëse Grondsaz ëmsou méi. Schonn 1999 huet d'Demokratesch Partei an hirem Wahlprogramm festgehalen, datt eng gesond Wirtschaft d'Quell vun Aarbechtsplazen a Steieren ass, déi d'Regierung am Interesse vun de Bierger investéiere muss, fir ënner anerem sozial Sécherheet a Bildung ze garantéieren.

Fir eis si Stéchwierder, wéi Rentabilitéit a Produktivitéit, kee Selbstzweck, mä de Garant vun engem héije Liewensstandard, enger zolitter sozialer Ofsécherung an enger nationaler Kohäsioun. An enger gutt duerchduechtener Diversifikatiounspolitik, fir deen enke Lien vu Lëtzebuerg mat der internationaler Finanzplaz méi flexibel ze gestalten, spillt de Mëttelstand eng ausschlaggebend Roll. Eng Roll, där hien awer nëmme gerecht ka ginn, wann niewent deem néidegen Esprit d'entreprise eng qualifizéiert Main-d'oeuvre zur Verfügung steet.

Fir d'Demokratesch Partei ass deemno dës Argumentatioun Grond genuch, fir no all deene sëlleche positive Resultater an der Bildungspolitik weiderhi mat därselwechter Motivatioun an deemselwechten Engagement d'DP-Bildungsoffensiv weider ze dreiwen.

Ouni der Madame Durdu virzegräifen, déi sech méi intensiv mat der Bildungspolitik wäert beschäftegen, ginn ech Iech e puer Stéchwierder, déi weisen, wéi d'Bildungsoffensiv an der Praxis ausgesäit. A puncto Infrastrukture sinn am Kader vum Plan sectoriel directeur lycées eng ganz Rei vun neie Schoulgebaier schonn am Bau, oder wéi de Mamer Lycée scho geplangt. De Péitenger Lycée technique kritt en neit Gebai, zu Jonglënster entsteet en neie Lycée technique, fir d'Schoulkapassitéiten och am Oste vum Land ze erweideren, op de Frichen zu Belval-Ouest kënnt ebenfalls en neie Lycée technique, datselwecht gëllt fir Réiden, wou d'nächst Joer schonn ugefaange gëtt.

Nieft dem genannte Plan directeur wäert de standardiséierte Konstruktiounsprogramm wäitgehend dozou bäidroen, fir endlech d'Dauer, vum Plange bis hin zum Bau, vun neie Schoulgebaier ze verkierzen. A puncto Recrutement vum Léierpersonal huet d'Aféierung vun enger zweeter Sessioun vun den Examen-concours dozou geféiert, d'Zuel vun de Kandidaten, déi zum Stage pédagogique zougelooss sinn, substanziell ze erhéijen. 2002 bleiwen nëmme 15 Posten onbesat. Déi Jore virdru louchen d'Zuele bei 34, respektiv 28.

Mä och a puncto nei Programmer a Léiermethoden, déi déi individuell Besoine vun de Kanner respektéieren, huet d'Bildungsoffensiv eng positiv Bilanz ze verzeechnen. Am Primaire gouf e Cycle d'apprentissage agefouert, am Secondaire ass d'Reform vun der Division supérieure elo Realitéit.

Mat engem gewëssen Amusement huelen ech dofir zur Kenntnis, mat wat fir enger Hartnäckegkeet eis sozialistesch Kolleegen a regelméissegen Ofstänn hir „Léisungsvirschléi" fir d'Schoulpolitik an der Press verkënnegen. Propositiounen, déi allerdéngs oppen Dieren arennen, étant donné datt se säit längerem de Schrëtt vun der Theorie an d'Praxis hannert sech hunn. Als Beispill zitéieren ech d'LSAP-Fuerderung aus hirem Steeseler Pabeier vum 19. September, fir d'Moduler oder den Teamteaching am Primaire anzeféieren. D'DP huet sech laang Jore fir dës Mesurë staark gemaach an d'Edukatiounsministesch huet och net gezéckt, dës Mesurë séier ëmzesetzen.

Ech hätt mer gewënscht, Här President, datt sech d'LSAP mat därselwechter Hartnäckegkeet während deene 15 Joer, wou si an der Regierung war, fir eis Schoulpolitik agesat hätt. Dobäi kënnt, Här President, datt de politesche Stil vun der LSAP, menger Meenung no, dann awer, oder dann und wann, ze wënschen iwwreg léisst, virun allem, well se sech gäre mat de Méritë vun anere Leit rëschte wëllt.

Ëmmer nach an hirem Steeseler Pabeier steet geschriwwen, datt si déijéineg gewiescht wären, déi d'Orientéierungsdebatt iwwer PISA gefuerdert hätten. Or, d'Orientéierungsdebatt iwwer PISA gouf vum Här Garcia gefrot, vun deene Grénge also ugefrot, a selbstverständlech dunn och majoritär an der Edukatiounskommissioun ugeholl. Anstatt permanent mat engem scho bal karikaturale Pessimismus iwwert d'Schoulpolitik hierzefalen, géing ech der LSAP un d'Häerz leeën, hir Kritik méi konstruktiv ze gestalten.

***(Interruption)***

Dat heescht zum Beispill net waarm Loft, mä konkret Propositiounen eranzereechen, wa si dozou opgefuerdert ginn. Schonn am Joer 2000 ware si der Opfuerderung vun der Edukatiounskommissioun Propositiounen eranzereechen, am Kader vun der Orientéierungsdebatt iwwert d'Ecole d'intégration, net gerecht ginn. Am Virfeld vun der PISA-Debatt sollt et net aneschters goen.

Dovun ofgesinn, waren et eenzeg an eleng déi Gréng, déi Propositiounen an d'Kommissioun erabruecht hunn.

***(Interruption)***

Här President, d'Demokratesch Partei fënnt et Schued, dass et an esou engem wichtegen Dossier, wéi an der Schoulpolitik virgezu gëtt, Polemik ze maachen, anstatt sech un een Dësch ze setzen an zesummen un där Reform vun eisem Schoulsystem ze schaffen. D'CSV huet hiert Engagement an hir Ënnerstëtzung fir d'Bildungsoffensiv nach ganz rezent ënner Beweis gestallt. Déi Gréng weise vill Eegeninitiativ, mä d'LSAP schéngt et awer leider virzezéien, hire solitäre Kräizzuch weiderzefëieren. Ech hoffen, dass vläicht an der nächster Debatt iwwer d'Education nationale, déi op Initiativ vun der DP all Joer soll stattfannen, eng Grëtz méi konstruktiv Beiträg vun hinnen ze erwaarde sinn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dir schéngt net ze wëssen, wéi de Secteur d'Schoulpolitik vun der DP aschätzt.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Et ass d'Zil vun der Demokratescher Partei...

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Do erlieft Der nach Äert blot Wonner!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- ... dem Virsaz vum EU-Sommet vu Lissabon, dee beseet, dass Europa soll „l'économie de la connaissance la plus compétitive et la plus dynamique du monde", gerecht ze ginn. Den Apprentissage, d'Formatioun an d'Informatioun vun den Acteuren um Terrain sinn d'Schlëssellelementer, fir dass Lëtzebuerg mat hëlleft dëst Zil ze erreechen.

Här President, de Rapporteur huet ënnert deenen neie Konditiounen, déi eis bekannt sinn, probéiert ze ënnersichen, wéi mer eis Recettë vu muer garantéieren a wéi mer eis Dépensë besser a méi effizient kënnten tätegen.

Wat d'Recetten ubelaangt, esou hu mer dee Volet jo mat der Diversifikatiounspolitik ugeschnidden. Op der Dépensësäit huet de Rapporteur eng ganz interessant Analys vun deem gemaach, wat mer an deenen nächste Joren an eis Infrastrukturen investéiere wëllen. Ech hunn am Ufank vu menger Interventioun gesot, dass et richteg wier, den Investitiounsniveau héich ze halen. Et ass eng Tatsaach, dass mer mat deem, wat mer elo bauen, eise Patrimoine immobilier verduebelen. Wa mer dann och nach déi Gebaier, déi elo vun Etablissments publics géréiert ginn, oder déi, déi iwwert d'Loi de garantie realiséiert ginn, derbäi zielen, déi eng Kéier un de Stat zréckfalen, da gëtt eisen heitege Patrimoine carrément verdräifacht. Et däerf een also net d'Nofolgekäschte vergiessen, déi bei deene Gebailechkeeten ufalen, sief dat um Niveau vun der Exploitatioun oder um Niveau vun dem Entretien.

De Rapporteur huet sech a sengen Ausféierungen op d'Beispill vum Entretien limitéiert. Dat eleng illustréiert awer zur Genüge de Käschtepunkt, deen de Patrimoine immobilier generéiert, a wéivill méi deier et ka ginn, wa mer eigentlech näischt ënnerhuelen. Dofir ënnersträichen ech nach eng Kéier déi interessant Iwwerleeungen, besonnesch an dësen Zäiten, wat den Entretien préventif vum Patrimoine de l''Etat ubelaangt. Et kënnen effektiv à moyen et à long terme vill Sue gespuert ginn.

Doriwwer eraus schéngt mer dat regelméissegt a kontrolléiert Plange vun engem Entretien vun eise Gebaier och interessant ze si fir eis Handwierksbetriber. Wa mer vun Investissementer schwätzen, an dat an Zäiten, déi eis dozou beweege méi virsiichteg mat eisen Dépensen ëmzegoen, da kënnt och dee Moment, wou ee sech ebe Prioritéite setze muss. D'Schoul stellt eng absolut Prioritéit duer. Dat wësse mer all, an do mengen ech, si mer eis heibannen och alleguerten eens. An ouni den Diskussiounen iwwert d'Regierungsamendementer wëlle virzegräifen, wëll ech just hei feststellen, dass déi Dotatiounen, déi fir de Fonds d'investissments publics scolaires am initiale Budget festgehale goufen, bäibehale musse ginn. Dofir, zur Konklusioun, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'DP steet zu de sozialen Acquisen a steet och dozou, dass net dorunner gefréckelt gëtt.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Wéi steet se dann zu hire Wahlverspriechen?

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Mir hunn eng Mouk, wéi de Rapporteur gesot huet, Geld aus deene gudde Joren an de Strëmp, well d'Steieren aus der Kollektivitéitssteier nach net all eran sinn. Mir hunn eng minimal Statsschold, déi eis och d'Méiglechkeet gëtt, fir wann et eng Kéier géing noutwendeg ginn, verschidden Investissementer iwwer Emprunten ze finanzéieren. D'Plus-valuë vun deene leschte Joren hunn eis et erlaabt, d'Investitiounsfonge gutt ze approvisionéieren. Dës Regierung ass also eng responsabel Regierung. Si huet mat där néideger Rou op déi nei ekonomesch a finanziell Datë reagéiert an huet eng Rei vu Signaler a Messagë ginn, déi, wéi ech mengen, der heiteger Situatioun ugepasst sinn an d'Situatioun och no bausse richteg vermëttelen. D'Situatioun verlaangt vun eis, dass mer se genau suivéiere mat där néideger Virsiicht, awer och mat der Gewëssheet, dass mir iwwer gesond Statsfinanze verfügen an dësen Abroch mat deene Reserven, déi eis zur Verfügung stinn, opfänke kënnen.

Mir mussen eis Ekonomie tatkräfteg ënnerstëtzen, a mir konnte feststellen, dass dat och geschitt, sief dat um Niveau vun eisem Finanzsecteur an der Diversifikatiounspolitik, oder eben iwwert déi Regelungsinstrumenter, iwwert déi de Stat verfügt. Mir hunn eng Regierung, déi et éierlech mengt, déi d'Saachen esou seet, wéi se sinn, an alles mécht wat se kann, fir dass déi Situatioun, déi mer elo kennen, net Ausmoossen unhëlt, déi mer herno net géinge Meeschter ginn. Esou enger Regierung ka meng Fraktioun nëmmen hiert Vertrauen ausspriechen, an aus dësem Grond, Här President, wäert meng Fraktioun dëse Budget och stëmmen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Merci un de Kolleeg Emile Calmes als Rapporteur, deen en Dokument an enger Héicht vun 206 Säiten hei zesummegestallt huet. Ech muss éierlech soen, ech war déi leschte Kéier mam Rapporteur vun der DP net esou fein, mä ech géif awer soen, datt dat heiten dee beschte Rapport ass, deen en DP-Politiker an deene leschten 20 Joer hei an der Chamber virgedroen huet, well fir eng Situatioun, déi esou schlecht ass wéi déi heiten, esou gutt ze ëmschreiwen, muss ee schonn e Meeschterwierk kënne virleeën. Et ass eng interessant Zesummestellung, déi an deem Dokument ass.

Här President, ech géif och nach eppes hei am Ufank wëlle soen, wat ech schonn eng Kéier virun zwee Joer hei gesot hunn, an zwar, ob mer eis et net sollten als Chamber iwwerleeën, fir d'Debatte vum Budget 14 Deeg oder dräi Woche virzeverleeën, wéi dat am Ausland an deene meeschte Parlamenter de Fall ass, well mer jo wëssen, datt eis Regierungsmemberen ëmmer ëm dës Zäit op de Sommeten sinn, an dofir versti mer och, datt den Här Statsminister an den Här Budgetsminister muer net kënnen hei sinn. Si hu wichteg Engagementer wat d'Land ubelaangt, mä ech mengen, mir kënnten eng Kéier global déi Budgetsdebatten no vir leeën.

Mir hoffen a mir wënschen och, datt muer eis Regierungsmemberen zu Bréissel um Sommet eng gutt Hand hunn, an datt se dat, wat si hei vis-à-vis vum Parlament als Engagement geholl hunn, a wat och vun alle Fraktioune ronderëm ënnerstëtzt ginn ass, duerchsetzen. Ech mengen, si hunn net nëmmen eng Missioun, mä ech géif soen, et ass och eng Flicht vis-à-vis vum Parlament, fir eben déi Resultater, wéi se zu Feira festgehale si ginn, och ze verwierklechen. Et ass e Mandat, dat se och hei vum Parlament an déi Richtung kritt hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Budget, dee mer haut hei diskutéieren, gëtt selbstverständlech aus engem anere Bléckwénkel diskutéiert, wéi dat an deene vergaangene Joren de Fall war. Mir hu soss eng Haaptdebatt gehat, wou mer gekuckt hunn, wéi d'Regierung de Budget ënnerschat huet, a wéivill Plus-valuë mer méi erakritt hunn, wéi der am Budget stongen.

D'Zäiten hu geännert, an d'Politik däerft dofir méi interessant ginn, well et elo méi, géif ech soen, ëm d'Detailer geet. D'Oppositioun, muss een haut bal kloer soen, hat viru Joren e Problem. Wa mer eng Steierreduktioun vun 10% gefrot hunn, dann huet d'Regierung eng vun 15% gemaach. Et war also och schwéier, fir Oppositiounspolitik ze maachen, mä haut komme mer an eng Zäit, wou et méi ëm d'Wurscht geet, géif ech soen, a wou mer mussen diskutéieren, wéi mer dat Geld, dat mer nach hunn, am beschten an am gerechtste kënne verdeelen.

Ech wëll kuerz am Ufank e klengen Iwwerschwong maachen iwwert dat wirtschaftlecht an dat ekonomescht Ëmfeld, wéi se sech am Ableck hei am Land stellen.

Wat d'Inflatioun ubelaangt, si mer an engem Parameter, deen duerchaus vertrietbar ass. Nodeem mer 1999 nëmmen 1% Inflatioun haten, ass se eropgaangen op 3,2, dunn erof op 2,7 a souguer 2%, a mer sinn elo erëm ënnert 2% ukomm.

D'Prognosen, wat de Wirtschaftswuesstum ubelaangt, si Prognosen, déi am Fong jiddfereen iwwerrascht hunn. An zwar si se ëmmer no ënne revidéiert ginn. Wa mer zum Beispill de Budget vun 2001 kucken, sou ass, wéi de Budget 2001 virgedroe ginn ass, vun engem Wuesstum vu 6% geschwat ginn. Beim Budget vun 2002 ass de Wuesstum vun 2001 no ënne corrigéiert ginn, an zwar op 3,9%. Bei der Presentatioun vum Budget 2003 ass de Wuesstum vun 2001 op 3,5% reduzéiert ginn. An elo am Oktober ass en op 1% reduzéiert ginn.

Datselwecht stelle mer fest, wa mer de Wuesstum vun 2002 kucken. Wéi de Budget 2002 virgedroe ginn ass, war e 5,3%. Bei der Presentatioun vum Budget 2003 ass en zréckgeschrauft ginn op 2,7%, an elo am Oktober op 0,5%.

De Budget 2003 ass bei senger Presentatioun virgestallt gi mat engem Wuesstum vu 6,6% an elo ass e schonn zréck op 2%. A wa mer der OECD gleewen, da sinn och schonn erëm déi 2% falsch, an et misst schonn erëm no ënne corrigéiert ginn.

Mir stellen also fest, datt an deenen dräi leschte Budgetsjoren, déi Prognosen, déi ëmmer opgestallt gi sinn, permanent no ënne reduzéiert gi sinn. A wat nach méi erstaunlech ass, datt mer, am Fong mat engem Joer Retard, dëst Joer am September gesot kréien, wéi de Wirtschaftswuesstum 2001 war; an zwar nëmme méi 1%.

Dat sinn natierlech keng Lorbeere fir eng Regierung, déi, praktesch mat engem Retard vun engem Joer, dem Parlament an der Öffentlechkeet matdeelt, datt de Wirtschaftswuesstum vun engem Joer, wou schonn 10 Méint erëm sinn, vill méi niddreg ass, wéi deen, dee si bis dohinner deklaréiert huet. A wann een dann och nach weess, datt déi Prognosen net vu Lëtzebuerg mä un éischter Stell aus dem Ausland kommen, wou d'Ausland d'Donnéeën vu Lëtzebuerg kritt, dann ass dat am Fong nach méi blamabel fir eng Regierung.

Mir hunn als ADR gesot, datt d'Situatioun hei am Land awer nach net dramatesch ass, well de Wuesstum an deene leschte Jore villes bruecht huet. Mir hunn emol de reelle Wuesstum vum PIB festgestallt vun 1995 op 2000 an hunn als Ausgangspunkt 100 als Basis geholl. Wann all Land 1995 op der Basis 100 gewiescht wier a mer kucken, wéi déi verschidde Länner a fënnef Joer gewuess sinn, dann ass Lëtzebuerg am Joer 2000 bei 138 ukomm, dat heescht 38% Zouwuess a fënnef Joer vum PIB. D'Europäesch Unioun vun deene 15 ass awer nëmmen ëm 13,5% gewuess, d'Eurolänner ëm 13,2%, d'Fransousen ëm 13%, d'Belsch ëm 14,8% an eis däitsch Noperen ëm 9,4%. Lëtzebuerg huet also e Wuesstum fäerdeg bruecht vun 1995 bis 2000 mat enger Joresmoyenne vu 6,68%. Lëtzebuerg huet sech also an deene fënnef Joer e Virsprong verschaaft vu méi wéi 25% vis-à-vis vun deene anere Länner, ouni elo dee Virsprong ze berücksichtegen, dee mer scho virun 1995 haten.

Dat wëllt awer elo net heeschen, datt de Pouvoir d'achat vun den eenzelne Bierger deementspriechend an d'Luucht gaangen ass, well mer wëssen och, datt d'Präisser massiv geklomme sinn. Och wëssen mer, wéi d'Baupräisser hei am Land an deene leeschte Joren ugezu sinn, sou datt e normale Bierger sech hei am Land praktesch keng Bauplaz méi ka kafen. Déi gutt Entwécklung hat net nëmme positiv Säiten, se hat och grouss Nodeeler. Bei den Infrastrukture fir d'Spideler, fir d'Verwaltunge komme mer net méi no, am Stroosebau, am öffentlechen Transport. De Wunnéngsmaart ass eng Katastroph. D'Explosioun vun de Baulandspräisser, wéi ech elo grad gesot hunn, huet eng Situatioun eropbeschwör, datt vill Leit sech haut net méi kënnen en Terrain kafen.

Eise Statsminister huet 1999 an der Debatt zur Lag vun der Natioun gesot, datt dee stramme Wuesstum dee mer am Land hätten, grad genuch géif ofwerfen, fir d'Nofolgekäschten ze decken, sou datt mer also ënnert dem Strëch net onbedéngt mussen ee Geschäft maachen, doduerch datt mer ëmmer méi Leit an d'Land kréien a méi wirtschaftleche Wuesstum hunn. Dorauser ass jo och dunn déi Debatt entstane vum 700.000 Awunnerstat, déi eise Statsminister laass getratt huet, a wou ech géif mengen, datt déi Ausso gréisstendeels Schold drun ass, datt duerno d'Baupräisser hei am Land esou drastesch an d'Luucht gaange sinn.

Mir als ADR hunn am Fréijoer gesot, datt een de Wuesstum misst bremsen, a mir hunn och dovu geschwat, datt een e vertrietbare Wuesstum misst realiséieren, dee mer géifen als Land meeschteren, an net méi dee stramme Wuesstum, wéi dat an de vergaange Joren de Fall war. Mir waren och frou, datt d'lescht Woch den Här Budgetsminister bei senger Interventioun quasi an déiselwecht Kerb gehaen huet, well en huet gesot: Mir wëllen e raisonnabele Wuesstum am Land kréien. An et ass och dat, wat e mir als ADR gesot hunn, datt een och net kënnt op deem Wuesstum weiderfueren, wéi en am Land bis elo war.

Et huet zwar kee sech esou eng Bremsung virgestallt, wéi se momentan stattfënnt, wou jo wahrscheinlech d'Regierung net responsabel ass, si ass jo nëmme responsabel, wann ech d'Majoritéitsdeputéierten de Mëtten hei schwätzen héieren huet, wann et gutt geet, mä wann et méi schlecht geet, da sinn alleguerten déi aner schëlleg a si hu selwer näischt domat ze dinn.

Obschonn d'Verwaltungen, wat d'Budgetsrecetten ubelaangt, d'Steierrecetten, souwuel vun 2002 wéi 2003, no ënne revidéiert hunn, an obschonns d'Oppositioun ëmmer erëm gesot huet, datt de Budget misst deementspriechend no ënnen amendéiert ginn, huet d'Majoritéit dat eng laang Zäit kategoresch refuséiert zouzeginn, bis den 21. November de Budgetsminister an d'Kommissioun komm ass, an dunn en amendéierte Budget virgeluegt huet, deen am Fong dat erëmginn huet, wat d'Verwaltungen eis scho Wochen, fir net ze soe Méint virdru gesot haten.

Mä och deen amendéierte Budget bréngt keng weider politesch Décisioune mat sech. De Gros vun den Ännerungen ass am Fong op Grond vun der Budgetstechnik néideg, déi sech dorauser erginn, well eben eng Rei vu Politiken u Prozentsäz fixéiert sinn, déi sech aus dem PIB entwéckelen, ob zum Beispill bei der Entwécklungshëllef, der Fuerschung, oder bei enger Rei vun Transferten un d'Sozialversécherungen. Wann also manner Leit schaffen, wa manner verdéngt gëtt, ginn och manner Cotisatioune vum Stat un d'Sozialversécherungen iwwerwisen. Am Fong waren do keng politesch Décisiounen erfuerdert, mä et war reng budgetstechnesch, datt manner Dépensen zustane komm sinn.

Eng Ausnahm ass déi massiv Erhéijung vun de Accisen, déi mer an dësem amendéierte Budget virgedroe kritt hunn. Dës Chiffere sinn awer alleguer mat Virsiicht ze genéissen, well wéi scho gesot, d'OECD schonn erëm de Wirtschaftswuesstum fir d'nächst Joer no ënne revidéiert huet, e Chiffer deen also net méi korrespondéiert mat deem, wéi de Budget opgesat ginn ass.

Och eis Zentralbank huet an deene leschten Deeg public gemaach, datt si net un dee Budget gleeft, an datt se mengt, datt mer d'nächst Joer e Budgetsdefizit kéinte kréien, deen ëm déi 2% läit. Et muss een och wëssen - an ech kommen herno nach drop ze schwätzen -, datt d'Investitiounen an de Gemenge wäerten zréckgoen, wat och en negativen Afloss wäert op d'Budgetsentwécklung hunn.

Well alleguer déi Prognosen, déi mer an deene leschte Jore kritt hunn, permanent no ënne revidéiert si ginn, a mer elo e Budget hunn, dee schonn net méi richteg ass, a wa mer vun esou vun engem Budget ausginn, wou mer mengen, et géif d'nächst Joer am Hierscht erëm unzéien, si mer der Meenung, Här President, datt d'Regierung der Chamber soll regelméisseg e Rapport virleeën, an zwar all Mount, wéi déi finanziell an ekonomesch Entwécklung vum Land ass.

Mir deponéieren an deem Sënn eng Motioun, fir datt d'Parlament méi séier um Lafende gehale gëtt, an net mat engem Retard vun engem Joer gewuer gëtt, wéi d'Evolutioun dat Joer virdru war.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*considérant que la situation économique et financière du pays nécessite dans la conjoncture actuelle une information régulière de la Chambre des Députés sur les données économiques du pays et sur l'état des finances publiques;*

*invite le Gouvernement*

*- à informer mensuellement la Chambre des Députés, représentée par la commission*

*compétente, sur la situation économique du pays et sur l'état des finances publiques.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

Ech hu grad gesot, datt d'Situatioun vum Land net esou schlecht ass am Ableck. Dat wëllt awer net heeschen, datt een net muss déi richteg Konklusiounen draus zéien. D'Statsschold, déi mer hunn, ass äusserst minim mat 685 Milliounen Euro, mä mir hunn awer och nach 2 Milliarden Euro engagéiert iwwert d'Loi de garantie, déi een och muss als Statsschold mat berücksichtegen.

D'Fongen, fir d'Schold kënnen ze decke mat 443 Milliounen Euro, decken am Fong zu 60% déi normal Schold. D'Reservefongen, déi hu quasi 3 Milliarden op den 30.

September dëst Joer gehat. Mä et muss ee wëssen, datt esouwuel d'Réserve budgetaire wéi d'Reserv vun de Fonds spéciaux 2002 ëm 16,4% zréckgaangen ass, an 2003 ëm 26,26%. Et gesäit een also, datt d'Fongen ufänken ofzehuelen an deene leschten zwee Joer, wou se virdrun am Fong vu Joer zu Joer ëmmer weider geklomme sinn.

Iwwert d'Liquiditéit a méi speziell iwwert d'Liquiditéit vun deenen op EMTN-Fonge plazéierte Gelder schwätzt mar de Moie mäi Fraktiounskolleeg Henckes. An och, wann den Här Weiler de Mëtte gesot huet, datt mer nach déi schlummernd Reserven hunn, Reserven déi am Fong de Stat nach ze encaisséieren huet vu Joren, wou et der Ekonomie nach besser gaangen ass, ass dat awer keng Ursaach, fir kënnen ze soen, mir kënnen elo weider op deem Niveau liewen, well mer liewe momentan an engem Joer, an d'nächst Joer an engem Joer, an hunn d'lescht Joer gelieft an engem Joer, wou manner Steieren am Fong erwirtschaft si ginn. Mir liewen de Moment nach vu Steieren aus deene gudde Joren. Mer wëssen och, datt am Joer 2005 et ufänkt mat den Ofrechnunge vun deene méi schlechte Joren a mir mussen eis dodrobber astellen.

De Chômage. Den Här Statsminister huet d'lescht Woch hei annerhallef Stonn geschwat, an den Här Budgetsminister huet eng Stonn geschwat, a kee vun deenen zwee huet dat Wuert Chômage eng Kéier an de Mond geholl. Mir hu mol gekuckt, wéi de Chômage sech entwéckelt huet zënter datt dës Regierung am Amt ass, vun 1999 un. Mir stelle fest, datt d'Zuel vun de Chômeure vu 5.240 op 6.455, also ëm 23,2%, zënter datt dës Regierung am Amt ass, geklomm ass. An déi Leit, déi an enger Mesure d'emploi sinn, déi Zuel ass vun 1.796 op 2.903, also ëm 61,7% geklomm. Insgesamt ass de Chômage ëm 33% hei am Land an d'Luucht gaang. An d'Resultater vun deenen zwee leschte Méint weisen drop hin, datt et net wäert méi lues goen, well mer haten déi lescht zwee Méint all Kéiers tëschent 500 a 600 Leit, déi zousätzlech an de Chômage komm sinn, d'Frontalieren net berücksichtegt. Wann ee weess, datt d'Frontalieren am Privatsecteur praktesch d'Halschent vum Aarbechtsmaart ausmaachen, a wann ee weess, datt vläicht d'Résidenten nach op besser oder méi sécher Plaze komme wéi d'Frontalieren, da muss ee soen: Wa mer 500, 600 Résidenten an de Chômage entlooss hunn, datt dann doudsécher op d'mannst esouvill Frontalieren och entlooss si ginn. Dat heescht, datt eisen Aarbechtsmaart an deene leschten zwee Méint sécherlech all Mount iwwer 1.000 Leit an de Chômage geschéckt huet.

Et ass also keng positiv Bilanz, déi dës Regierung am Domän vum Chômage opzeweisen huet. An alles wat net positiv ass, doriwwer versteet dës Regierung net ze schwätzen. E liewegt Beispill war, wéi gesot, d'lescht Woch hei. Souwuel de Statsminister wéi de Budgetsminister, déi kee Wuert iwwert de Chômage verluer hunn, obschonn eng dramatesch Progressioun doranner ze verzeechnen ass, wéi mer se praktesch nach ni kannt hunn. Eiser Meenung no ass dat staarkt Uwuesse vum Chômage nach net erreecht. Dat wäert eréischt an deenen nächste Méint kommen.

Ech wéilt dann, Här President, op en anere Phenomeen agoen, deen eis onlogesch schéngt. Trotzdeem ons Ekonomie 2001 nëmmen 1% gewuess ass, an 2000 nëmmen…

Ech weess net, Här President, den Här Statssekretär Schaack grinst mer esou. Ech sinn nach net un der Fonction publique, Här Schaack, ech kommen awer drop. Waart nach e bëssen, ech komme schonn drop.

***(Interruption)***

Trotzdeem ons Ekonomie am Joer 2001 nëmmen ëm 1% an am Joer 2002 ëm 0,1% gewuess ass, ass d'Zuel vun de Beschäftegten an deenen zwee Joer ëm quasi 15.000, 16.000 Leit netto an d'Luucht gaangen. Wann ee mat Ekonomiste schwätzt, déi soen engem, datt eng Ekonomie muss e Wuesstum hu vun 1,5 bis 2%, ier se iwwerhaapt nei Aarbechtsplaze schaaft, mä mir hunn der 16.000 geschaaft, obschonn d'Ekonomie ee Joer nëmmen 1% an dat anert Joer 0,1% war. Et muss een also dovun ausgoen, datt am Fong d'Entreprisen nach an enger Euphorie vun deene Jore virdrun agestallt hunn, well am Fong d'Nofro jo net deementspriechend an d'Luucht gaangen ass. Et muss een dann och fäerten, datt dee Boom, dee mer an der Astellung an deene leschten zwee Joer haten, sech als Boom an de Chômagezuelen an deenen nächste Méint oder Joren nidderschreift. Mir hoffen, datt mer Onrecht behalen, mä mer fäerten awer, datt dat d'Realitéit däerft ginn.

D'Konklusioun iwwert d'Analys: D'Situatioun ass sécherlech net dramatesch, d'Statsfinanze sinn nach gesond. Awer esou maachen, wéi wann nach alles am Botter wär, ass sécherlech dee falsche Message, deen eng Regierung ka ginn. D'Indicateure weise kloer, datt, wann d'ekonomesch Situatioun sech net kuerzfristeg wäert verbesseren, et an deenen nächste Méint zu engem staarken Abroch wäert hei am Land kommen. D'Regierung, aus duerchsiichtege Grënn, déi nëmme mat de Wahle vum Joer 2004 ze dinn hunn, versicht d'Situatioun ze verschéinere, wat awer fatal Konsequenzen duerno ka kréien. D'Regierung huet net de Courage, fir d'Wourecht ze soen an duerfir och net déi néideg Kraaft, fir déi richteg Konklusiounen ze zéien.

Den Här Statsminister huet hei gesot, et wier kee Flächebrand, mä et wier e Sickerbrand. Et muss een awer wëssen, datt ee Sickerbrand méi schwéier auszemaachen ass, wéi ee Flächebrand an datt e méi geféierlech ass, well een en net gesäit an datt een duerfir och méi schwéier dergéint kann ugoen.

***(Interruption)***

Et muss een alles erausrappen, fir en ze fannen, d'ganzt Haus auserneen huelen.

D'Moossnamen, déi d'Regierung also geholl huet no engem laange Striewe vun der Oppositioun, si keng politesch Décisiounen, nach Akzenter. Déi meescht ergi sech, wéi virdru gesot, aus enger Budgetstechnik déi festläit. Et ass Kosmetik. Den Här Juncker huet hei gesot, keng Steiererhéijung an dëser Legislaturperiod. En hätt sech also och kéinte méi kloer ausdrécken a soen: Virun de nächste Chamberwahle gëtt et keng Steiererhéijung. D'Fro stellt sech: Wat geschitt no de Chamberwahlen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis geet et net nëmmen drëm, fir datt net virun de Chamberwahle keng Steiererhéijung kënnt, mä mir mengen, mir missten eng Politik maachen, datt och no de Chamberwahle keng Steiererhéijung bräicht ze kommen. Dofir muss d'Politik reagéieren. Dat huet dës Regierung bis elo net gemaach. D'Regierung behaapt an deenen nächste Joren hir Investitiounspolitik op engem héijen Niveau ze halen. Mir bezweifelen dës Ausso. Zum Beispill sollte mer dës Woch Projeten um Ordre du jour hunn, fir administrativ Gebaier ze bauen. Déi Projete sinn zréckgezu ginn, well wéinst der ekonomescher Situatioun déi Projeten net gebaut ginn. Wéi kann een erklären, datt een zwee Projeten net baut awer eis Investitiounspolitik géing oprecht erhalen, wéi se virdru war?

***(M. Jean Asselborn prend la Présidence)***

Eng Rei vu Projete musse gebaut ginn. Si stinn awer nach net an den Investitiounsfongen dran. D'Haussë vun de Präisser - mir wëssen elo schonn, wéi dacks datt mer wäerte mussen ofstëmmen - sinn alleguer net berücksichtegt. D'Situatioun vun de Gemengefinanzen ass net berücksichtegt. Bei der Entwécklung vun de Steierrecettë steet och nach e grousst Fragezeichen hannendrun.

Mir mussen also d'Prioritéiten nei iwwerdenke fir de Fall, wou mer net all Investitioune kënnte realiséieren. Mir proposéieren dofir als ADR no Prioritéiten ze fueren, woubäi d'Schoulinfrastrukturen, de Gesondheetsberäich mat de Spideeler, den Altersheimer, de Crèchen an esou virun, Prioritéit musse kréien. D'Infrastrukturen an den öffentlechen Transport, de Stroossebau, Kläranlage musse Prioritéit kréie viru Muséeën oder anere grousse kulturellen Investitiounen.

Als ADR hate mer den 21. Mäerz 2002 eng Motioun hei an der Chamber déposéiert, fir datt d'Regierung soll op de Kaf an d'Participatioun vun engem Airbus an engem Stéck vun engem Militärtransportschëff verzichten. Déi Motioun ass ugeholl gi vun der grénger Fraktioun an dem ADR. D'CSV, d'DP an d'LSAP haten dergéint gestëmmt. Mä ech sinn awer frou, datt an der Tëschenzäit d'LSAP och an där doter Fro d'Kéier kritt huet.

Mat den Nofolgekäschten, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, huet den Här Rapporteur sech méi spezifesch auserneegesat. Et ass sécherlech e wichtegen Deel an der Gestioun vun de Statsfinanzen. Systematesch all nei Projeten, déi kommen, ze kucken, wat se vu Frais d'entretien, Frais de fonctionnement a Personalkäschten no sech zéien, misst eng Normalitéit ginn an d'Fro no öffentlecher oder privater Gestioun opwerfen.

Och hei huet den Här Rapporteur a sengem Rapport en Extrait aus der Bundeshaushaltsordnung vum däitsche Bundestag abruecht, wou steet: „Für alle finanzwirksamen Maßnahmen sind angemessene Wirtschaftlichkeitsuntersuchungen durchzuführen. In geeigneten Fällen ist privaten Anbietern die Möglichkeit zu geben darzulegen, ob und inwieweit sie staatliche Aufgaben oder öffentlichen Zwecken dienende wirtschaftliche Tätigkeiten nicht ebenso gut oder besser erbringen können." Dat ass en Zitat aus dem Rapport vum Här Calmes, wat mir duerchaus deelen, datt d'Regierung dat dote muss zur Normalitéit maachen. Bei all Projet, dee kënnt, muss vum Stat gekuckt ginn, wat kascht e géing kaschten, wa mir e géife maachen, an datt um Marché dobaussen quasi eng Soumissioun gemaach gëtt, wou gefrot gëtt, kann eng privat Entreprise den Entretien an d'Gestioun vun deem Gebai do méi bëlleg maachen. Et muss natierlech kloer e Cahier des charges virleien, fir datt een herno keng Iwwerraschunge kritt.

En zweete Punkt, wou mer mengen, datt en Iwwerdenke vun de Prioritéiten néideg wär, Här President, hänkt zesumme mat de Gemengefinanzen. Ech hu virdru gesot, datt an dëser Situatioun de Chômage eng vun deene katastrophaalste Situatiounen ass, an dofir de Här Statsminister an de Här Budgetsminister net driwwer geschwat hunn. E weidere genausou katastrophale Punkt, géif ech soen, ass d'Répercussioun op d'Gemengefinanzen. An och do huet weder den Här Juncker nach den Här Frieden ee Wuert d'lescht Woch hei driwwer verluer. Mir wëssen, datt de Fonds communal vun den Dotatioune fir d'Gemengen opgrond vun enger neier Circulaire vum Minister liicht no ënne revidéiert ginn ass. Mir wëssen awer och, datt den Abroch bei der Gewerbesteier schonn eng Realitéit ass, e fënnt net eréischt statt mä ass schonn eng Realitéit, a mir wëssen, wat d'Ursaache sinn. Dat ass éischtens duerch d'Gesetz iwwert d'Reduktioun vun der Gewerbesteier, wou mir quasi 25% zréckgeschrauft hunn, awer och selbstverständlech opgrond vun der allgemenger ekonomescher Entwécklung.

De Gemengen ëmmer méi Chargen ze ginn an hinne gläichzäiteg manner Geld zoukommen ze loossen, dat kann net opgoen. De Minister huet an enger zweeter Circulaire de Gemengen nei Chiffere virgeluecht, wou e wuel seet, da loosst an de Budgeten 2002 am Rectifié, an am Budget 2003 déiselwecht Zomme stoen, an déi Plus-valuë vun dem Rescht setzt Dir op e Reservefong, fir am Joer 2004 den Abroch vu 600 op 400 Milliounen d'Joer ze kompenséieren.

Mir wëssen also, datt d'Gemengen laut der Situatioun 2002, 2003 an 2004 ongeféier op engem Niveau bleiwen, wat d'Recettë vum Impôt commercial ubelaangt. Wat awer 2005 geschitt, dat seet keen de Gemengen. Mir haten an der zoustänneger Kommissioun mam Här Innenminister d'lescht Woch eng Réuniouns. Hien huet op déi Fro hi just mat der Schëller gezuckt, awer keng Äntwert ginn. Wann d'Gemenge keng Äntwerte kréien, wat 2005 mat hire Finanze geschitt, da muss eng ganz Partie vun de Gemengen hei am Land de Schlëssel ënnert d'Dier leeën. Et gëtt e puer Ausnahmen. Ech denken do un Nidderaanwen, Betzder, Mamer a sou virun, Gemengen, déi opgrond vu spezifesche Betriber eng gutt finanziell Situatioun hunn.

Katastrophal Konsequenze sinn et, wann d'Gemengen net méi investéieren a keng Garantië kréien, wéi hir Finanzen 2005 sinn, well da wäerten d'Gemengen hir Investitiounsprogrammer mussen iwwerdenken. Eng ganz Rei vu Gemenge wäert net derlaanscht kommen, hir Investitiounsprojeten integral ze stoppen. Dat heescht, si wäerten nach déi al Projete fäerdeg maachen a keng nei méi ulafe loosse mat alle Konsequenzen, déi dat fir de Bau an d'Handwierk huet, wou dann doudsécher de Chômage wäert an d'Luucht goen.

Wat d'Valeur ajoutée ugeet, war am Fong d'Handwierk elo nach am Plus. Dat ass amgaang ze falen esou wéi de Bau. A wa mir déi doten Entwécklung viru goe loossen, da muss d'Regierung wëssen, datt och duerch hir Politik d'nächst Joer de Bau an d'Handwierk wäerten an eng negativ Tendenz kommen, an datt dat vill Failliten als Konsequenz wäert hunn an de Chomâge am Bau an am Handwierk, wa mir keng Korrektur kréien, drastesch an d'Luucht wäert goen.

Grad elo missten d'Gemenge kënnen investéieren, well d'Gemenge méi séier investéiere kënne wéi de Stat. Wann de Stat e Projet iwwert den Instanzewee goe léisst, si bis e fäerdeg ass siwe Joer erëm. Eng Gemeng ka bannent 12 Méint oder no 12 Méint schonn nei Projete ulafe loossen. Dat heescht, d'Gemenge kéinten elo méi séier reagéieren op déi Flaut, déi bevirsteet, mä d'Gemenge gi vun dëser Regierung am Stach gelooss. Dofir kënnen d'Gemengen net investéieren.

***(Interruption)***

Här Weiler, ech kommen nach drop, wat d'Gemenge kënne maachen. D'Gemeng Lëtzebuerg ass amgaang e praktescht Beispill ze ginn.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Léif Kolleegen, loosse mir erëm zur Rou kommen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. D'Gemenge mussen haut kënne wichteg Investitiounen an d'Schoule maachen, an d'Structures d'accueil, an esou virun. Dat ass haut dat Normaalst, wat all Gemeng muss maachen. D'Regierung hätt et jo och gären, mä da muss se och d'Gelder ginn, fir kënnen déi Politiken ze realiséieren. Liewensqualitéit spillt sech un éischter Stell do of, wou d'Leit liewen a wunnen, Här Weiler, an net um Kierchbierg am Pei-Musée oder an anere Prunkbauten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn emol gekuckt, wou dat géif an der Gemeng Fréiseng hiféieren, wann d'Finanzsituatioun esou weidergeet, dat heescht an anere Wierder, Här President, wann den Impôt commercial bis 2004 géif ëm 40% zréckgoen, da wär d'Gemeng Fréiseng am Joer 2004 net méi funktiounsfäeg.

***(Brouhaha général)***

Dat heescht mir kriten eisen ordinäre Budget net méi op, mir hätten en Defizit vu 14 Milliounen am ordinäre Budget. Mir kéinten also net méi als Gemeng fonctionnéieren.

Une voix.- Hutt Dir den Här Graas héieren?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wat huet den Här Graas da gesot?

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Här Graas, hutt Dir eppes ze soen? Wa jo, da stitt wann ech glift op a sot et haart.

***(Brouhaha général)***

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et hätt mech awer interesséiert, wat den Här Graas dozou ze soe gehat hätt.

***(Interruptions diverses)***

M. Gusty Graas *(DP).*- Et ass eng Kritik, déi ee regelméisseg un den Här Gibéryen muss maachen: Wann hien an deene leschte Joer vläicht e bësse méi gehaushalt hätt mat senge Gelder zu Fréiseng, dann hätt hien haut manner Problemer, well da wär hien net esou héich verschëlt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien, Här Graas.

***(Hilarité)***

Här President, ech wollt, datt een heibannen dat dote géif soen. Dofir hunn ech alt esou laang iwwert d'Gemeng Fréiseng geschwat, well Verschiddener bei der CSV net reagéiert hunn. Ech hu geduecht: Et wäert dach een elo dat soen, well et huet ee jo ëmmer seng kleng Strategie, déi een entwéckelt. Ech hu scho geduecht, elo geet deng Strategie net op. Dofir sinn ech dem Här Graas awer dankbar, datt hien dat gemaach huet, a well ech domat gerechent hunn, datt déi aner géife soen, d'Gemeng Fréiseng wär déi verschëldsten aus dem Land, hunn ech geduecht, da géi kuck emol, wéi ass et an deenen anere Gemengen.

***(Hilarité)***

Ech hunn du mat där gréisster aus dem Land ugefaangen, der Gemeng Lëtzebuerg. D'Gemeng Lëtzebuerg huet an hirem Budget ordinaire fir 2003 en Iwwerschoss vun 53,3 Milliounen Euro. Wann e 40%ege Gewerbesteierabroch kënnt, da sinn dat 67 Milliounen Euro, an dann huet d'Gemeng Lëtzebuerg en Defizit am ordinäre Budget vun 13 Milliounen Euro oder 545 Milliounen ale Frang.

Elo wësse mir awer, datt d'Gemeng Lëtzebuerg méi wéi 40% wäert verléieren, also gëtt den Abroch bei der Stad Lëtzebuerg nach vill méi staark wéi deen an der Gemeng Fréiseng, och a Relatioun mat de richtegen Zifferen a Prozenter. Mä souguer bei der Gemeng Esch, wou ech verwonnert war, geet et null von null auf. D'Gemeng Sues-

sem - de Kolleeg Sunnen ass elo net hei -, huet 2005 e Budgetsdefizit am ordinäre Budget vu 75 Milliounen, wann dat doten esou duerchgesat gëtt. D'Gemeng Schëffleng - d'Madame Stein ass elo net hei - hätt dann e Budgetsdefizit vun 12 Milliounen, woubäi d'Madame Stein - dat muss een awer fairerweis soen - vun der Madame Lulling eng Gemeng kritt huet, déi ganz räich war.

Ech sinn och iwwerzeegt - an d'Madame Stein, déi jo elo den 31. Dezember zrécktrëtt, fir engem sozialistesche Member d'Buergermeeschterschaft ze iwwerloossen, datt d'Madame Lulling hire sozialistesche Frënn e bessert Resultat hannerlooss hätt.

Mä och d'Gemeng Diddeleng hätt 2005 am ordinäre Budget en Defizit vun 122 Milliounen. Esouguer d'Hesper Gemeng hätt en Defizit am ordinäre Budget vun 100 Milliounen. An eis Betebuerger Gemeng hätt esouguer och en Defizit vu 70 Milliounen am ordinäre Budget.

Här President, dat si Chifferen, déi an de leschten Deeg bekannt gi sinn, déi an den Zeitunge waren, déi also ganz kloer weisen, wa mer de Gemengen den Impôt commercial esou reduzéieren, a mir soen net, wéi se dee kompenséiert kréien oder zum Deel kompenséiert kréien, datt dann e ganze Koup vu Gemengen 2005 net méi genuch ordinär Recetten hunn, fir hir ordinär Dépensen ze decken. Dobäi muss ee wëssen, datt déi Nofolgekäschten, déi d'Gemengen elo nach engagéieren, net berücksichtegt sinn, datt d'Personalkäschten, déi automatesch an d'Luucht ginn duerch den Accord salarial, net berücksichtegt sinn, an datt Emprunten, déi d'Gemengen ophuelen, fir elo nach a Projeten ze investéieren, net berücksichtegt sinn.

An, Här Graas zum Ofschloss, ech hunn dëst Joer den 28. Budget zu Fréiseng gemaach an hu 27 Emprunte gemaach. Dovu sinn der elo scho siwen ofgelaf, an an den nächsten dräi Joer wäerten nach dräi Emprunten oflafen. Well mer keen neien Emprunt brauchen ze maachen, ass d'Gemeng Fréiseng awer eng vun deenen, déi dann 2005 keng rout mä schwaarz Chiffere wäert schreiwe kënnen, woubäi vill aner Gemengen deen Defizit, deen ech elo genannt hunn, net kënnen iwwert dee Wee an deenen nächsten dräi Joer decken.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Et ass also eng dramatesch Situatioun fir déi meeschte Gemengen hei am Land, déi deen Abroch vum Impôt commercial mat sech brëngt, an ech soen et nach eng Kéier, wann d'Regierung de Gemengen net seet, wat hir Participatioun am Joer 2005 ass, dann ass et fir ganz vill Gemenge ganz schwéier, fir hir Budgeten nach opzestellen. An da kënnt dat, Här Bettel, wat momentan d'Stater Gemeng mécht, nämlech datt se higeet an drastesch Steieren an Taxenerhéijunge mécht, fir dat erëm ze kompenséieren. An der Stad mussen d'Leit elo bezuelen, fir hiren Auto kënne virun der Dier stoen ze loossen, an et feelt elo nach just, datt d'Leit och nach eppes musse bezuelen, fir kënnen an hirem Haus ze wunnen. D'Kanal- an d'Waassertaxe gi gehéicht.

M. le Président.- Ass eng Fro vum Här Bettel erlaabt, Här Gibéryen?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech sinn ëmmer frou, wann den Här Bettel eng Fro stellt.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, ech wollt just den Här Gibéryen froen, ob en dem Här Graas seng Fro richteg verstanen hat, well den Här Graas hat jo gesot, eng Schold hunn an net eng Schold vläicht kréien. An Dir hutt op seng Fro jo awer guer net geäntwert. Hien huet gesot, d'Fréisenger Gemeng wier déi verschëlldste Gemeng, an net gesot, datt d'Fréisenger Gemeng kënnt an Zukunft déi verschëlldste Gemeng sinn.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Mä trotz där Schold, déi d'Gemeng Fréiseng huet, huet hire Budget Iwwerschoss. An dorobber kënnt et un. Déi eng hunn an d'Schold investéiert, anerer zum Beispill méi an d'Personal. Et kënnt ëmmer drop un, wat een als Iwwerschoss huet, a vu datt d'Scholde bei eis oflafen, gëtt de Scholdebierg vu Joer zu Joer méi kleng. Aner Gemengen, déi keng hunn, wäerten an nächster Zäit mussen, wéi Dir dat sot, an d'Schold investéieren, wat ech zwar nach ni esou richteg an där Form héieren hunn.

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Op jidde Fall, Här President, wat geschitt hei? Den Här Statsminister seet, d'Regierung géif bis d'nächst Chamberwahle keng Steiererhéijunge maachen, an op där anerer Säit ginn awer elo d'Gemenge condamnéiert drastesch Steiererhéijungen ze maachen, fir datt si hire Budget kënnen an den Equiliber bréngen. A wien treffe se do? Well bei der Steierreform, déi mer d'lescht Joer gemaach hunn, hu jo déi Kleng- a Mëttelverdénger näischt kritt. Déi sinn eidel ausgaangen. Mir hunn dofir als ADR proposéiert, fir eng Negativsteier anzeféieren, fir datt och déi kleng Revenuë kënnte vun der Steierreform profitéieren. Mä dorobber ass d'Regierung jo net agaangen.

Wat geschitt elo hei? Hei hunn déi kleng Leit beim Stat näischt iwwert d'Steierreform kritt, a bei de Gemenge gi se elo voll getraff. Well dee mam Mindestloun, dee säin Auto viru senger Dier hei an der Statd stoen huet, muss genau esouvill Tax un d'Gemeng offéiere wéi de Bankdirekter, dee säin Auto virun der Dier stoen huet. Mat där dote Politik ginn déi kleng Leit, duerch eng Déviatioun vum Stat iwwert d'Gemengen, voll getraff.

Den Här Juncker schröpft d'Gemengen esou, datt wuel net d'Regierung, awer d'Gemenge musse Steier- an d'Taxenerhéijunge maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Rapporteur huet d'Konsumkäschten ugeschnidden. E wesentlechen Deel vun de Konsumkäschte sinn och d'Gehälter vun der Fonction publique. Den Här Statsminister huet gesot, d'Léin an d'Gehälter géifen 19% beim Statsbudget ausmaachen. Ech hunn d'Fro an der Kommissioun vun der Fonction publique gestallt, wat d'Gehälter géifen ausmaachen. Do ass mer vum Här Statssekretär Schaack gesot ginn, dat wiere si am Ministère net amstand ze rechnen. Ech soll mech do un d'Finanz- an d'Budgetskommissioun wenden. Dunn hunn ech d'Fro an der Finanz- a Budgetskommissioun gestallt an do ass mer gesot ginn, et wier net esou einfach, fir dat ze rechnen. Ech hunn dat duerno nach zweemol gefrot. Ech hunn et bis haut net kritt. Dat ass e Punkt, deen anscheinend net ze berechnen ass. Ech hunn dofir elo mol ganz einfach eng Question parlementaire doriwwer gestallt. Vläicht ginn ech et da bannent engem Mount gewuer. Et ass zwar traureg, datt eis Regierung eis net ka soen, wat d'Léin an d'Gehälter an dësem Statsbudget ausmaachen.

Et steet wuel eng Zomm dran, ech kommen nach drop ze schwätzen, mä et sinn dat net all d'Gehälter. Zum Beispill alleguer déi Konventionéiert an esou viru stinn an där Zomm net dran. Esou wéi ech keng Äntwert krut, wat d'Gehälter insgesamt géife kaschten an dësem Budget, hunn ech och gefrot an der Diskussioun iwwert d'Reform vum Statut vun der Fonction publique nom Käschtepunkt. An och do, Här President, huet den Här Statssekretär mer geäntwert, dat léisst sech net rechnen.

Ech muss Iech soen, wann e Betrib, dee 17.000 Leit huet, eng Reform mécht, an e seet dann zu enger Chamberkommissioun, dat léisst sech net rechnen, Här President, esou e Chef de personnel géif am Privatsecteur direkt fléien. Dee géif net méi toleréiert ginn. Mä mir fueren awer mam selwechte Statssekretär an där Regierung virun, obschonn en net à même ass, fir eis ze soen, wat esou eng Reform kascht. Et ass en Tabuthema. Dës Regierung refuséiert iwwerhaapt driwwer ze diskutéieren. Dat ass net seriö. An datselwecht hu mer festgestallt beim Accord salarial, dee mer de 17. Juli hei diskutéiert an debattéiert hunn, wou eis gesot ginn ass, et geet eis esou gutt, mir kënnen eis dat leeschten.

Am Rapport stong: „La commission estime donc que l'environnement économique actuel justifie la conclusion de cet accord, accord qui peut être qualifié comme étant un accord raisonnable respectant les contraintes économiques du moment".

An den Här Graas huet a sengem Rapport gesot, d'Regierung huet akzeptéiert, fir am Fall, wou eng signifikativ Verbesserung vun der wirtschaftlecher Situatioun kënnt, den Accord nach eng Kéier nei ze négociéieren.

Här President, dat war zu engem Zäitpunkt, wou mer dat Joer virdru schonn nëmme méi 0,1% Wirtschaftswuesstum haten, a wou dës Regierung eis dunn nach dëst Joer hei virgegaukelt huet, de Wirtschaftswuesstum wär däermoosse gutt, datt mer nach eventuell kënnten eng Kéier no verhandelen. Mä och deen Accord salarial beleeft sech op 111 Milliounen Euro a sengem leschte Joer, oder op 4,4 Milliarde Lëtzebuerger Frang zesummen, an duerno all Joer op 2,25 Milliarden.

A wa gesot gëtt, wann et besser geet, da kënne mer no verhandelen, da kënnt ee jo och an der Logik emol einfach drun denken: Ma wann et méi schlecht geet, verhandele mer dann och no? An du krute mer vun deeneselwechte Leit gesot, neen, esou war et net gemengt. Et war nëmme gemengt, wann et géing besser goen.

Dat hei kënnt mer bëssen esou vir, Här President, wéi bei de Wahlen an Däitschland. E puer Deeg virun de Wahlen hu se gesot, d'Keesse wiere voll, an e puer Deeg no de Wahlen hu se gesot, et wier näischt méi an der Keess dran. Hei war et ongeféier d'selwecht. Virun der Summervakanz waren d'Keessen nach esou voll an de Wuesstum war nach esou gutt, datt mer konnten deen Accord salarial ofschléissen. An du si mer alleguer schéi gemittlech an d'Vakanz gaangen. A wéi mer erëm komm sinn, oh Mamm, oh Mamm, hu mer festgestallt, du war et awer net méi esou, wéi mer geduecht haten. Mä et geet awer einfach esou virun, och bei der Entwécklung vum Personal an bei de Personalkäschte beim Stat.

Vun 1999 bis 2002, säit dës Regierung am Amt ass, ass d'Zuel vun de Fonctionnairë vun 12.100 op 13.245, vun den Employéë vun 3.475 op 3.591, vun den Aarbechter vun 2.179 op 2.266, am Total vun 17.788 op 19.116 Leit an d'Luucht gaangen. An dëse Chiffere sinn déi Leit, déi iwwer Konventiounen an esou weider vum Stat bezuelt ginn, net berücksichtegt. An dem Artikel „Dépenses et charges sociales", steet am Statsbudget eng Zomm vum Compte provisoire vun 2001 vun 1,33 Milliarden Euro. Am Budget 2002 stoungen 1,143 Milliarden Euro. D'Kreditter am Budget 2003 sinn ageschriwwe mat 1,217 Milliarden Euro.

Den Här Statsminister huet d'lescht Woch hei gesot, datt d'Léin vun der Fonction publique 19% géife vun de Dépensen ausmaachen. Wann ee kuckt, wat se vun de Recetten ausmaachen, da sinn et 21%. Mä wann ee kuckt, wat d'Progressioun vun 1999 bis 2000 war, dann ass d'Masse salariale an der Fonction publique ëm 21,75% geklommen, also iwwer 5,6% an der Moyenne pro Joer.

Dofir géife mir mengen, Här President, wa mir wëllen d'Land op d'Zukunft an och op déi finanziell Entwécklung preparéieren, een onbedingt misst, och als Regierung, iwwert dee Volet schwätzen, a kucken, datt een d'Personalkäschte beim Stat am Grëff géif behalen.

Et sollt ee versichen eng Politik ze maachen, wou ee seet, mir kucken datt d'Dépensen net méi klammen. Dozou kann ee villes maachen. Wann een zum Beispill géif eng Réforme administrative maachen, do kënnt ee sécherlech bei 17.000 Leit Verschiddener aspueren. Et kënnt een och wahrscheinlech Leit aus enger Verwaltung an eng aner Verwaltung - mir hunn de Mëtten héieren, datt zum Beispill an der Steierverwaltung net genuch Leit sinn - transferéieren. Et gëtt och vläicht Verwaltungen, wou Leit musse bäikommen, ech denken do zum Beispill un den Enseignement an un d'Police.

Mir hunn och dofir hei als ADR a verschiddenen Debatten ëmmer erëm verlaangt, datt ee misst Audits externes maachen iwwert déi verschidde Verwaltungen, fir ze kucken, wéi een déi kéint méi effikass asetzen. Mir hunn awer ëmmer erëm vun der Majoritéit déi Motioune verworf kritt. Och dat hei ass en Tabuthema iwwert deen d'Regierung iwwerhaapt net wëllt diskutéieren.

D'Prozeduren, de Pabeierkrich an e Bësch vu Virschréften, déi de Statsapparat opbléie loossen, stellen doriwwer eraus eng enorm Belaaschtung fir d'Betriber am Privatsecteur duer. D'Prozeduren an d'Formulare misste vereinfacht ginn. De Stat soll sech op dat Wesentlecht konzentréieren a limitéieren. De Rescht soll vum Privatsecteur gemaach ginn.

Dëst alles ass net géint d'Fonction publique, mä am Interesse vun der Fonction publique. Nëmme wann d'Fonctioun publique finanzéierbar bleift, bleift se och interessant an domadder gutt.

Här President, d'lescht Woch huet den Här Rapporteur an dem Kapitel iwwert d'Nofolgekäschte gesot: Ech iwwerloossen et engem vu menge Successeuren, fir d'Personalkäschten ze analyséieren. Ech hätt léiwer gehat, de Rapporteur hätt d'Personalkäschten dëst Joer schonn analyséiert, amplaz dat engem vu sengen Nofolger ze iwwerloossen.

Firwat ass dat awer esou? Ma well d'DP hei eben eng Wahlënnerstëtzung vun der CGFP kritt. Do huet och keen eppes dogéint, mä datt dann herno awer en Handel gemaach gëtt a gesot gëtt: Wann Dir eis ënnerstëtzt, da kënnt ee vun Äre Leit an d'Regierung. Obscho mir bis elo an deem Domaine näischt Opweises hunn, ass hei am Fong just, datt d'CGFP sech haut selwer verwalt, an dat ass net am Interesse vun der Fonction publique, an et ass och sécherlech net am Interesse vum Land a vun de Steierzueler.

Här President, ech géif nach e puer Wuert iwwert d'Sozialpolitik wëlle verléieren, iwwert de Rentenajustement vun 3,5%, deen den 1. Januar fälleg ass. Hei si verschidde Leit, déi mengen, deen däerft net kommen, misst net kommen, bräicht net ze kommen. Ech wëll awer soen, datt dat eng gesetzlech Bestëmmung ass, an datt et eng normal Upassung ass vun de Pensiounen un d'Evolutioun vun de Gehälter. An et ass jo och net nëmme fir de Privatsecteur, mä déi Augmentatioun ass och fir déi pensionéiert Fonctionnairen.

A mir si jo als ADR vill gebeetscht ginn, wéi mir deemools duerchgesat hunn, datt d'Péréquatioun géif ofgeschaaft ginn, well du gesot ginn ass, da géifen déi Pensionéiert net méi un d'Lounentwécklung ugepasst ginn. Mä wa mir kucken, datt mir elo an der Fonction publique een Accord salarial hu vun zweemol 1,6%, dat gëtt 3,2%, an den Ajustement ass 3,5%, da kommen also déi pensionéiert Statsbeamten am Fong am Ableck besser ewech, wéi wa se nach am Péréquatiounssystem dra wären. Et ass eng gerecht Situatioun, datt d'Leit am private Secteur, wéi déi am öffentleche Secteur zum gläichen Zäitpunkt datselwecht bäigesat kréien.

Den Här Juncker huet awer och d'lescht Woch hei gesot, datt déi Leit, déi um Rentendësch alleguer déi Décisioune geholl hunn, nach eng Kéier sollen iwwerdenken, wat se do gemaach hunn. Mir géifen den Här Juncker zréckfroen, Här President, ob hien de Wuesstum vun deene 4% iwwer 40 Joer och iwwerduecht huet, wéi mir den Iwwergangsregime an der Regierung gestëmmt hunn oder net?

Mir géifen och d'DP froen, déi an d'Wahlen gaangen ass, fir deen ale Pensiounssystem vun de 5/6 erëm anzeféieren - dat war jo eent vun hire Wahlverspriechen, ob se och dunn un de wirtschaftleche Wuesstum geduecht hunn, deen dofir gebraucht gëtt. A mir froen och: Wéi den Accord salarial gestëmmt ginn ass, ass och dunn un de wirtschaftleche Wuesstum geduecht ginn? Well, egal ob mer am privaten oder am öffentleche Secteur eng Dépense maachen, se muss ëmmer fir d'éischt vun eiser Ekonomie erwirtschaft ginn. A mir toleréieren net, datt ëmmer nëmmen op de Privatsecteur gewise gëtt, an net op den öffentleche Secteur. Esou laang, wéi Leit ëmmer mengen, si missten op d'Pensioune vum Privatsecteur weisen, ass et einfach fir eis, fir do ze konteren, andeems mer eben op déi aner Säit weisen.

Et ass och vun de Clignotanten um Rentendësch geschwat ginn. Här President, mir waren Demandeur, datt Clignotante sollten agefouert ginn. Mä mir hu gesot Clignotanten, déi souwuel fir de privaten, wéi fir den öffentleche Secteur gëllen. An d'Regierung, vertrueden um Rentendësch, den Här Rippinger als Vertrieder vun der Demokratescher Partei hu gesot, mir sinn net domadder averstanen, datt Clignotante fir d'Fonction publique agefouert ginn. A mir hu gesot, mir sinn net domadder d'accord, datt nëmme Clignotante fir de Privatsecteur agefouert ginn. Wann, da fir déi zwee Secteuren oder fir keen. A well mir keng Clignotanten agebaut hunn, dann ass dat, well d'DP an d'Regierung keng fir d'Fonction publique wollten abauen. Et huet also net um Privatsecteur gehaangen, mä et kann net sinn, datt wann et eng Kéier sollt méi schlecht goen, de Privatsecteur géif gekierzt ginn an déi aner géife viru klammen. Wa Clignotanten, mä dann awer fir déi zwee Secteuren.

A mir wëssen, datt ëmmer méi Drock op de Pensioune vum Privatsecteur läit, a mir wëssen, datt de Rentendësch ofgeschloss ass, mä ass de Statsminister do net midd ginn, fir ëmmer erëm drop hinzeweisen, datt d'Pensiounen an Zukunft net méi finanzéierbar wieren? Dobäi hu mir am Privatsecteur 200 Milliarden aler Frang oder 5 Milliarden Euro u Reserven. An ech behaapten haut hei, datt d'Pensiounen am Privatsecteur honnertmol méi sécher sinn, wéi déi am Secteur public, well do hu mir keng Reserven, déi kënne mer nëmmen esou laang finanzéieren,

wéi et ekonomesch dem Land gutt geet. Dofir hu mir ëmmer plaidéiert, fir an der Fonction publique Pensiounskeesen anzeféieren.

A well mir mierken, datt de Statsminister permanent net midd gëtt, fir op dem Privatsecteur seng Pensiounen ze klappen, an datt a sengem Ëmfeld, an der CSV hirer Fraktioun e gewëssene Cercle Joseph Bech besteet, deen am Fong am private wéi am öffentleche Secteur d'Pensioune wëllt ofschafen an nëmme nach jiddferengem eng Mindestpensioun wëllt garantéieren, a fir de Rescht sollen d'Leit kucken, datt se eens ginn, da soen ech lech, Här President, wann d'CSV sech net gëtt mat deenen Aussoen, da betruechte mir dat als eng Krichserklärung un de Privatsecteur, an mir wäerten dann och deementspriechend wëssen ze handelen. Mir loossen net zou, datt de Privatsecteur hei permanent gesot kritt, seng Pensioune wieren net ze bezuelen.

Datselwecht fanne mir beim Mindestloun erëm, wou och, menge mer, d'Lounentwécklung sech erëmspigelt an dofir 3,5% normal sinn. Et ass awer genausou anormal - wéi d'Sozialisten dat froen -, datt ee misst méi ginn. Neen, 3,5% ass d'Lounentwécklung gewiescht an duerfir déi Berechnung.

An och hei, Här President, muss ee wëssen, datt wann d'Entwécklung vum Ajustement an vun der Mindestpensioun ëmmer de Réckbléck ass, wat d'Lounentwécklung vun deenen zwee leschte Jore war, a mir maachen en Accord salarial mat 1,6% d'Joer, da wësse mer och, datt mer an zwee Joer, Gott sei Dank, duerch den Accord salarial erëm eng Augmentatioun vun de Renten an och vum Mindestloun ëm 3% wäerte kréien. Mir brauchen eis also net an zwee Joer hei driwwer opzeregen, datt mir do erëm en Ajustement an eng Mindestpensiounerhéijung vun 3% oder 3,2% kréien. Mä mir hätte misse wëssen, dass wa mir d'Gehälter an der Fonction publique eropsetzen, da kréie mir automatesch herno dee Punkt.

Dobäi muss ee wëssen, datt d'Steiererliichterungen de Mindestlounbezéier iwwerhaapt net zegutt komm sinn. Déi Steierermässegungen, déi mir kritt hunn, déi si gréissten Deels och eisem Konsum net zegutt komm, well et si grouss Deeler dovun exportéiert ginn an eng drëtt, an an eng véiert Vakanz. Awer déi negativ Steier, déi mir agefouert wollten hunn, déi wär eisem Konsum zegutt komm, awer d'Regierung hat dofir keen oppent Ouer. E groussen Deel vun de Steiererliichterungen, déi sinn net fir déi Leit gewiescht, déi elo vum Rentenajustement a vun der Erhéijung vum Mindestloun kënne profitéieren.

Den Här Juncker huet sech d'lescht Woch hei esou e soziale Mäntelchen ugedoen, wéi e sech par force agesat huet, datt de Mindestloun sollt gehéicht ginn. Ech muss awer soen, datt dee soziale Mäntelchen dem Här Juncker e puer Nummeren ze grouss war. En huet him net gepasst. Säin Häerz ass net esou sozial, wéi en eis dat hei wollt d'lescht d'Woch virmaachen, well en eng Steiererliichterung mécht, wou déi Kléng näischt dovun hunn, an e geet op där anerer Säit hin an e setzt d'Gemengen an eng Situatioun, datt se deene klenge Leit mussen drastesch Taxenerhéijungen opbrummen. An deem Fall ass een net sozial, egal wat fir ee Mäntelchen ee sech wëllt undinn.

Och d'Mammerent kënnt. Verschidde Leit, ënner anerem ons gréng Kolleegen hu gemengt, well et méi schlecht geet, misst een direkt d'Aféiere vun der Mammerent ëm ee Joer aussetzen. Dat gëtt et mat eis awer net.

Mir hu laang drëm gekämpft als ADR, fir datt déi Mammerent endlech Realitéit gëtt. Elo hu mer et realiséiert a mir loossen eis et net vun anere Leit ewechhuelen. Déi Mammen hunn dat Geld verdéngt a se kréien och am Januar réckwierkend op den éischte Juli vun dësem Joer dat Geld ausbezuelt.

Här President, meng Zäit ass mer elo awer e bësse fortgelaf. Iwwert de Mëttelstand schwätze meng Fraktiounskolleege Jacques-Yves Henckes a Roby Mehlen mar, wou mer mengen, datt duerch ee méi staarkt oder méi séiert Andreiwe vun de Steieren - well de Finanz- an de Budgetminister ënner finanziellen Drock komme wäerten an deenen nächste Méint a Joren -, d'Betriber erëm zousätzlech a Problemer erakommen, well déi ware jo awer esou ageriicht, fir hir Steieren zu engem Zäitpunkt ze bezuelen, wéi et normal hei war. Wa mer déi Suen elo méi séier siche ginn - et ass de Mëtten hei gesot ginn, och vum Här Weiler, datt do nach eng Mouk géif leien, déi elo géif agedriwwe ginn, fir ebe bis d'Chamberwahlen iwwert d'Distanz ze kommen an anerersäits gëtt vun der öffentlecher Hand net méi esou vill ausgeschriwwen -, muss ee wëssen, fält dat dem Mëttelstand voll op de Kapp.

De Paperassekrich hëlt net of hei am Land, och dat ass net gutt fir de Mëttelstand. Och d'Zahlungsmoral vum Stat ass net gutt, se gëtt ëmmer méi schlecht. Dat héiert ee bei de Betriber. Wann een haut gesäit, datt de Stat méi Scholden, wat d'TVA ubelaangt, vis-à-vis vun de Betriber huet wéi d'Betriber vis-à-vis vum Stat, hëlleft dat och net derzou, fir datt de Mëttelstand duerch déi schwiereg Zäit elo ka kommen. Mir fäerte ganz, datt mat där Politik de Mëttelstand nach kuerzfristeg zousätzlech wäert belaascht ginn.

Här President, Dir Dammen a Dir Hären, dës Regierung huet net d'Zukunft vum Land a senge Bierger am Viséier, mä just d'Chamberwahlen vun 2004. Si huet net de Courage, fir d'Wourecht ze soen, an dofir och net d'Kraaft, fir déi richteg Konklusiounen ze zéien an Décisiounen ze huelen, déi misste geholl ginn. Dës Regierung kuckt net no vir, mä zréck. Dëse Budget ass de Beweis dofir, an dofir wäerte mir dësem Budget och net zoustëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen a Dir Hären, ech sinn der Meenung, datt eigentlech dës Budgetsdebatten 2002 fir de Budget vun 2003 déi interessantst sinn, déi ech bis elo erliewen, zënter ech an dësem Parlament sinn.

Firwat si se esou interessant? Mä ganz einfach, well déi Schéiwieder-Debatte vun deene leschte Joren, déi mer ëmmer hei hu missen iwwer eis ergoe loossen, eriwwer sinn. An deene leschte Joren ass et oft drëms gaangen, wann iwwert de Budget diskutéiert ginn ass, datt eng Hellewull vun Deputéierte konnten hei défiléieren an alle Lobbyen, déi se vertrieden, hir Wënsch virdroen an derfir gesuergt hunn, datt dann och an deem Iwwerflossbudget, dee mer an de vergaangene Jore kannt hunn, och Rechnung gedroe gouf. Dat ass definitiv eriwwer. Elo geet et wierklech drëms, fir driwwer ze diskutéieren, ob ee wierklech Finanz- a Budgetspolitik ka maachen oder ob et nëmme méiglech ass déi ze maachen, wann effektiv d'Wieder schéin ass um Konjunkturhimmel an d'Land souwisou quasi vum selwe gutt rullt.

De Finanzminister huet déi lescht Woch hei gesot, datt d'Konjunkturprognosen, déi gedéngt hätte bei der Opstellung vum Budgetsprojet, dee mer hei virleien hunn, vu kengem an dësem Parlament contestéiert gi wären zu kengem Moment.

Ech muss him natierlech do widderspriechen, well et ass jo effektiv esou, datt et ganz schwiereg ass Konjunkturprognosen ze contestéieren. Éischtens emol gëtt et der ganz vill, an zweetens, déi Prognosen, déi halen nach laang net ëmmer dat, wat se verspriechen. Mir konnte feststellen, datt et oft de Fall war, wann et konjunkturell gutt gaangen ass, d'Prognose komplett niewent der Plack waren, well se einfach de Wuesstum ze niddreg ageschätzt hunn. Elo stelle mer fest, datt d'Konjunktur als solches schlecht dréint, d'Prognosen an där Hisiicht sech verschätzen, well se ze vill en héije Wuesstum agesat hunn. Dat ass nun emol esou. D'Statistike sinn awer oft ee Bléck an d'Glaskugel an et muss ee sech schonn un enger Rei vun aneren Indicateure riichten. Där gouf et der awer an deene leschte Joren, déi engem zumindest virun Ae gefouert hunn, och wann et keng prezis Prognose waren, datt zu Lëtzebuerg déi Schéi Wieder-Period, déi mer kannt hunn tëschent 1995 an 2000, wou mer Wuesstumszuele vum PIB hate vu 6% mat engem Rekord am Joer 2000 vun 8,9%, net kënnt oder net misst onweigerlech esou weider goen.

Ech hunn iwwregens, bei menger Budgetsried 2001 d'lescht Joer an och bei der Ried zum Etat de la Nation, ee längeren Exkurs hei gehalen, wou ech och vill Ekonomisten zitéiert hunn, fir mol eng Kéier erëm virun Aen ze féieren, wat eigentlech an den ekonomesche Schoulbicher ugesi gëtt als e gudde Wuesstum, als e mëttlere Wuesstum, als e schlechte Wuesstum, a wat eigentlech en extreme Wuesstum ass, fir einfach ze versichen eis emol erëm op de Buedem vun der Realitéit zréckzebréngen, fir op den Tatbestand hinzeweisen, datt hei am Land ee falsche Bléck geherrscht huet an deene leschte Joren iwwert d'Aschätzung wat héijen, mëttleren an niddrege Wuesstum ass, an datt mer eigentlech, well mer dee falsche Bléck kritt haten, eis Finanzpolitik scho bal natierlech ëmmer op engem Wuesstum tabléiert hunn, dee mindestens bei 4% vum PIB géing leien, ouni drun ze denken, datt et duerchwegs méiglech wär, datt dee Wuesstum, och kënnt ënner 4% falen.

Dat krute mer elo mat enger Brutalitéit virun Ae gefouert, déi verschidde Leit, mech awer eigentlech manner, iwwerrascht huet. Dofir muss een och wëssen, wann een dee Steierreduktiounsprogramm kuckt, deen 2001 an 2002 virgeholl ginn ass vun dëser Regierung, datt deen eigentlech gemaach ginn ass net op dem Hannergrond vun enger schlechter Prognos, vu schlechte Wuesstumszuelen, mä ganz kloer op engem Hannergrond vu Wuesstumserwaardungen, déi iwwer 4% léichen.

Ech wäert dat nach beweisen, inklusiv mat Aussoen, déi de Statsa Finanzminister nach am Abrëll dëst Joer hei gemaach huet beim Etat de la Nation, fir drop hinzeweisen, wat eigentlech d'Erwaardunge ware vun der Regierung a wéi falsch se louche bei där Aschätzung do. De Finanzminister huet bei senger Nacht- und Nebelaktion am Steierberäich a sengem Kapp verdrängt gehat, datt och d'Luxusbuerg Lëtzebuerg vun engem Joer op dat anert op ee Wuesstum vum PIB ënnert engem Prozent kéint falen, eppes wat awer schlussendlech ganz séier geschitt ass, nämlech a manner wéi annerhalwem Joer.

De konjunkturellen Abroch, dee Lëtzebuerg am Moment kennt, ass sécherlech net d'Schold vun dëser Regierung, mä d'Ursaachen dervu si bei der schlechter internationaler Konjunkturlag ze sichen, mä datt et bei nëmmen annerhallwem Joer Konjunkturerlahmung schonn zu éischten Déséquilibere bei de Statsfinanze kënnt, dëse Problem ass ganz kloer hausgemaach.

Mir mussen dofir zréckkucken: Wat ass geschitt am Joer 2000, virun allem am Summer vum Joer 2000, um Hannergrond vun deem Rekordjoer, dat sech do ofgezeechent huet? Wéi gesot 8,9% Wuesstum vum PIB, ronn 40 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang, grouss Plus-valueën hu sech ofgezeechent, den Drock an der Gesellschaft bei alle Lobbyen ass ëmmer méi staark ginn, alles a jiddferee wollt um Wuelstandskuch bedeelegt ginn a gläichzäiteg hunn och nach eis Nopeschlänner Steierreduktiounsprogrammer ugekënnegt.

Den Drock donc op de Finanzminister, Finanzminister, deen nach beim Etat de la Nation vun 2000 deklaréiert hat, d'Steierreduktioune géingen net virgezu ginn, ass ëmmer méi grouss ginn. Och esouguer op der politescher Bühn ass den Drock ëmmer méi staark ginn, well och souguer eng ganz Rei Oppositiounsparteie gemengt hunn, si missten elo Drock maachen op de Finanzminister, fir datt an deem positive Konjunkturrausch, an deem mer eis do befonnt hunn, d'Steierreduktioune misste méi schnell virgeholl ginn an dat an enger Envergure, déi mir allefalls deemools als falsch a komplett iwwerdriwwe ëmfonnt haten. An déi, déi versicht hunn drop hinzeweisen, datt dëse Rausch ganz rapid mat engem zolitten décke Kapp kéint en Enn fannen, si belächelt ginn.

Dobäi hu sech schonn am Mee 2000 éischt Unzeeche vun engem Réckgang vun der Konjunktur bemierkbar gemaach, mä dës sinn am drogéierten Zoustand, an deem sech d'Regierung befonnt huet, net ganz eescht geholl ginn. Den Här Krecké huet de Mëtteg hei zitéiert, datt d'Boursen Enn dës Joers, vum September vum Joer 2000 un, massiv agebrach sinn. Dat ass richteg, mä éischt Unzeechen hate mer schonn am Mee, et ass ee ganz abrupten Abroch komm vum Abrëll op de Mee 2000, dee sech zwar deelweis iwwert de Summer erëm e bësschen opgefaang krut, mä et huet een do scho kënne bei enger ganzer Rei Analysten noliesen, datt se der Meenung waren, datt dat eigentlech éischt Unzeeche wäre vun enger méi déiwer Kris op de Boursen.

An duerfir war et esou, och wann zu deem Zäitpunkt et natierlech onméiglech war, fir d'Konjunkturlag virauszegesi fir Lëtzebuerg, dass een zumindest hätt missen oppassen, dass mir eis ganz rapid kënnten an esou enger Situatioun zréckfannen, wou de Wuesstum wäit manner ënnert deem läit, vun deem awer dee Moment, am Summerlach 2000, jiddfereen ausgaangen ass. Am Summer 2000, ënnert dem Drock vun de Lobbyen a leider souguer, wéi gesot, vu groussen Deeler vun der politescher Oppositioun, ass en historesche Steierreduktiounsprogramm décidéiert ginn.

D'Haaptelementer waren, dass bei de physesche Persounen den Agankssteiersaz erofgesat ginn ass, d'Progressioun am Tarif gouf duerch eng Reform vun de Steiersätz ofgeschwächt, de Spëtzesteiersaz ass massiv gesenkt ginn, an zwou Etappen zwar, an d'Ofschreiwungsméiglechkeete sinn an hirem Volumen net verklengert ginn, wéi d'Regierung dat iwwregens Ufanks vun der Legislaturperiod ugekënnegt hat, mä si si souguer nach vergréissert ginn. Well dat, wat mir zwar ofgeschaaft hu mat der Loi Rau, ass ersat ginn duerch dat, wat haut besteet, wou ee kann d'Zousazpensiounen ofsécheren. Dat ass am Volume méi substanziell wéi dat, wat d'Loi Rau virdru war.

Fir d'Betriber waren d'Haaptelementer, dass d'Kierperschaftssteier massiv gesenkt ginn ass, d'Gewerbesteier erofgesat ginn ass an d'Taxe d'abonnement erofgesat ginn ass. Dat sinn déi Elementer - et si sécherlech nach eng Rei anerer, déi bei de Betriber gespillt hunn -, déi am meeschten an d'Gewiicht fale bei de Recettë vum Stat.

Déi zweet zolidd Steierreduktiounsetappen 2001 an 2002 sinn net aus Grënn vu konjunkturellem Réckgang gemaach ginn, mä well d'Regierung am Contraire dovun ausgaangen ass, dass déi exceptionell Lëtzebuerger Situatioun géing weidergoen. An am CSV-Profil vum 26. November 2001 ass dat och ganz kloer nozeliesen. Do gëtt sech gemengt domadder, an ech zitéieren: „40 Milliarden Franken; 2002 wird das Jahr der Steuererleichterungen für die Betriebe. Jedoch auch für Privatpersonen und Kleinbetriebe, die dem Regime der „personnes physiques" unterliegen. Unter Berücksichtigung der steuerlichen Entlastungen, die bereits zum 1. Januar 2001 in Kraft getreten sind, wird es zu einer Nettoentlastung in der Höhe von 27 Milliarden Franken kommen. Premier- und Finanzminister Jean-Claude Juncker sprach zu Recht von notwendigen Korrekturen, die angesichts der guten Finanzlage absolut zulässig sind.

Ech kéint där Zitater hei nach eng ganz Rei méi bréngen, déi déi Zäit am CSV-Profil stoungen, wou ganz däitlech draus ervirgeet, dass dës Steierreduktioun gemaach ginn ass, well Drock bestanen huet vu baussen, vun allméigleche Lobbyen, a gemengt ginn ass, de Stat hätt ze vill Suen an de Keesen an et misst een elo méiglechst grousszügeg dës Sue relativ séier verdeelen.

Et hätt een natierlech eiser Meenung no 2001 an 2002 eng Steierreform misste maachen, mä éischtens si mir der Meenung, dass déi Steiererliichterungen do zevill substanziell waren, an zweetens menge mir virun allem, dass se hätte misse verbonne gi mat enger ganzer Rei Mesuren, déi mindestens och e Lenkungscharakter gehat hätten; ech kommen herno nach dorop zréck. E weidert Haaptargument vun deemools, woufir mir missten déi Steierreduktioun do virhuelen, war jo och, datt eis direkt Konkurrente géinge mat de Steieren erofgoen a Steierreduktiounsprogrammer ugekënnegt hätten. Wann een dann awer de Steierniveau vun den direkten Nopeschlänner Däitschland, Belsch a Frankräich kuckt, da stellt ee fest, wéi wäit dass d'Regierung eigentlech ënnert dat gaangen ass, wat aus deem Argument eraus noutwendeg gewiescht wär.

D'Gesamtsteierbelaaschtung fir Betriber läit an der Bundesrepublik Däitschland haut bei 35%, a Frankräich läit se bei 36,43%, an der Belsch bei 40,17% an zu Lëtzebuerg, wann een d'Solidaritéitssteier dobäirechent - ech hunn dat bei deenen aneren Zuelen och gemaach, déi ech vun deenen anere Länner geholl hunn, dofir hunn ech se dobäi gesat - läit se bei 30,38%.

***(Interruption)***

Ech schwätzen hei nëmme vun den direkte Konkurrenten, Här Wiseler. Dir wësst ganz genau, dass wa mir vun där dote Steier, nämlech der Kierperschaftssteier, schwätzen, da sinn et un alleréischter Stell déi direkt Nopeschlänner, déi eis interesséieren. Selbstverständlech gëtt et Irland, wat nach méi déif läit mat sengem Taux wéi Lëtzebuerg, mä dat ass awer iwwregens dat eenzegt Land an Europa, wat Dir nach kënnt siche goen. De Finanzminister huet deemools iwwregens net déi dote Steierreduktiounen als noutwendeg gesi par rapport zu Irland, mä virun allem par rapport zu eisen

direkten Noperen. Dat kënnt Dir noliesen a senge Riede vun deemools.

Ech stellen also fest, dass mir bei de Betriber effektiv wäit ënnert dat gaange sinn, wat eis Nopeschlänner gemaach hunn. Bei de physesche Persounen ass et nach vill méi krass. An do muss ech soen, do spillt den Effekt vun der direkter Konkurrenz eigentlech jo nach vill manner. Deemools ass iwwregens och gesot gi vum Finanzminister, dass bei de physesche Persoune virun allem de Spëtzesteiersaz esou massiv misst erofgesat ginn, mam Argument, dass wa mir gäre Kaderen op Lëtzebuerg hätten, fir hei ze schaffen, da misst een dat maachen, well soss kéimen déi net heihinner schaffen. Et muss ee sech awer Froe stellen, wann dat deen eenzegen Objektiv war, deen deemools suivéiert ginn ass, ob dat Grond genuch war, fir esou eng massiv Reduktioun ze maache wéi dës Regierung se hei gemaach huet, bei alle Risiken, déi mir elo haut kennen, déi dat mat sech bréngt, wann ee jo nëmme vergläicht, wat et bedeit - do hu mir jo mindestens e Chiffer virleien - fir 2003.

An der Bundesrepublik Däitschland gëtt et 2003 e Spëtzesteiersaz vun 49,6%, 2005 geet Däitschland op 42% erof. An der Belsch si se 2002 bei 55%, 2003 bei 52,5% an 2004 gi se op 50% erof. Zu Lëtzebuerg brénge mir et fäerdeg, 2002 schonn op 38% ze sinn. Ech hu Frankräich hei net opgezielt, well Frankräich nach méi héich läit wéi d'Belsch an Däitschland. Mir gesinn also hei, dass et och bei där doter, enger vun deene wichtegsten Haapteinnahme vum Stat, virun allem drëms gaangen ass, fir verschidde Kategorien dovunner profitéieren ze loossen, mä se och am Kontext vun der direkter Konkurrenz, ze vill ënnert dat gaange si, wat eigentlech noutwendeg war.

An da muss ee jo soen: An der Ekonomie spillt bekanntlech och vill Psychologie mat. Dee richtege psychologesche Moment, fir iwwert d'Steierpolitik dem Konsum oder der Konjunktur ze hëllefen, ass dofir, wann éischt däischter Wolleken opdauchen, an net laang virdrun, wann nach Iwwerfloss besteet. Ech sinn nach ëmmer der Meenung: Wann Iwwerfloss besteet, da soll een de Steierdrock net exzessiv héich halen, mä et soll een en awer op engem Niveau halen, dass d'Leit, wa se souwisou nach genuch an der Täsch hunn, net menge si missten dann nach iwwert de Steierwee muttwëlles méi dobäi kréien.

Wann een dat nämlech net mécht, da behält een deen néidege Spillraum, fir, wann déi éischt däischter Wolleken opdauchen, da Reduktioune virzehuelen. Mä wann een natierlech wéi dës Regierung scho säi finanziellt Polver am Kader vun dem Wuelstandsrausch verschoss huet, dann ass kee Spillraum méi, fir zum richtegen Zäitpunkt therapeutesch op d'Investoren an op de Konsum anzewierken. Dat wäerte mir an deenen nächste Joren nach vill méi däitlech ze spiere kréien, well mir diskutéiere jo elo nach hei iwwert de camoufléierte Budget vun 2003, iwwer eng Situatioun also, déi eigentlech nach immens roseg ausgesäit. Ech woen net drun ze denken, vu wat mir wäerte musse schwätze beim Budget 2004 a virun allem bei deem vun 2005.

Wéi onwierksam eigentlech dës iwwert d'Mooss getätegt Steierreduktioune fir d'Konjunkturbeaflossung ware geet méi wéi däitlech aus der Stellungnahm vum Statsa Finanzminister zur Lag zur Natioun vun dësem Joer ervir. Hie seet jo ëmmer, et wär eng Tugend vun him, dass hien e gutt Gediechtnis hätt, an dofir och vill géif noliesen, well hien dann aus sengem Gediechtnis géif Saache rappeléiert kréien, wat aner Leit virun engem Joer oder viru Méint gesot hunn.

Abbee, mäi Laangzäitgediechtnis huet mir och leschten Donneschdeg eng Rei Saache rappeléiert, déi hien nach am Mee vun dësem Joer gesot huet an du sinn ech déi nosiche gaangen, an ech hunn Interessantes fonnt. Op Säite 23 vun der Erklärung zur Lag vun der Natioun, vun dësem Joer gutt verstanen - dat war zu engem Moment, wou d'Regierung nach fir 2001 vun engem Wuesstum vum PIB vun 3 bis 4% a fir 2002 vun 2,9% ausgaangen ass - huet de Finanzminister gemengt hei missen ze soen, dass ouni d'Virzéie vun engem zolitten Deel vun der Steierreform op d'Joer 2001 eise Wirtschaftswuesstum am Joer 2002 däitlech ënner 3% bliwwe wär.

Hien huet weider gesot: „Et ass och evident, dass eis prognostizéiert Wirtschaftsleeschtung fir d'Joer 2002 däitlech méi niddereg wär, wa mir net dëst Joer substanziell Steiererliichterunge fir d'Betriber a fir d'Privatpersounen décidéiert hätten. Dat heescht also, hien huet am Mee vun dësem Joer gesot, dank senger wäitsiichteger Steierpolitik hätte mir et fäerdeg bruecht, an déi hätt gutt gegraff, dass de Wuesstum net ënner 3% géing falen. Sechs Méint méi spéit si mir konfrontéiert mat enger anerer Realitéit. De Wuesstum, an dat hunn déi definitiv Chifferen elo beluecht, vun 2001 läit net méi tëschent 3 a 4%, mä nach bei 1%. A fir 2002 ass en net méi bei 2,9%, mä tëschent 0,1 an 0,5%.

Elo muss ee sech natierlech froen, wou dann do d'Wierksamkeet ass vun deenen ominöse Steierprogrammer, déi 2000 décidéiert gi sinn. Ass et da wierklech esou wéi am CSV-Profil nach mat zimlechem Houfert de 26. November 2001 geschriwwe ginn ass, dass déi 40 Milliarden al Lëtzebuerger Frangen, déi do grousszügeg verdeelt gi sinn, en immensen Effekt haten, zum Beispill op de Wuesstum, wéi dat an deem betreffenden Artikel steet.

Ech muss Iech soen: Wa mir 40 Milliarden al Lëtzebuerger Frang bei de Leit a bei de Betriber gelooss hunn, fir zum Resultat ze kommen, dass mir bannent annerhalwem Joer e Wuesstum zu Lëtzebuerg hunn, dee vun 8,9% op 0,1% fält, dann ass dat e ganz moert Resultat bei där Zomm, déi do agesat ginn ass.

Mä ech mengen, et ass jo och net esou einfach, well wann een d'Nopeschlänner mat eis vergläicht, ware mir jo nach virun zwee Joer Spëtzereider beim Wuesstum vum PIB, a mir sinn an annerhalwem Joer op d'lescht Plaz erofgerutscht. Ech hu virdrun zitéiert wéi de Steierniveau an den Nopeschlänner ass. Déi si manner ofgerutscht beim Wuesstum vum PIB, trotz eisen enorme Steierreduktiounen. Dat huet nun eemol domadder ze dinn, dass et net esou einfach ass déi Equatioun ze maachen, dass, wat een d'Steiere méi erofsetzt, wat de Wirtschaftswuesstum méi wiisst a wat d'Konjunktur méi ugekuerbelt gëtt an de Konsum méi klëmmt. Wann déi Equatioun esou einfach wär, da wären och schonn anerer op d'Iddi komm a virun allem stellt ee fest, an ech kommen herno nach dorop zréck, dass all déi Länner, wou déi dote Logik zu Enn gefouert ginn ass, déi Länner sinn, déi net nëmme sozial virun enger eenzeger Katastroph stinn, mä doriwwer eraus alles aneschtes wéi gutt do stinn.

De Finanzminister huet eis d'lescht Woch hei gesot, dass hien erstaunt ass iwwert de Phenomeen, dass déi ënnert de gudde wirtschaftleche Virzeeche gemaachte Begléckung vun de physesche Persounen net zum Oprechterhale vun deem héije Konsum bäigedroen huet, wéi d'Regierung sech dat ausgerechent hat, wéi se déi Décisioune geholl huet, fir d'Steiere bei de physesche Persounen ze reduzéieren.

Et erstaunt een natierlech manner, wann ee kuckt wat fir eng Bevölkerungsgruppe vun deene Steierreduktiounen am meeschte profitéiert hunn. Dat ware jo bekanntlech net déi Bevölkerungsgruppen, déi par la force des choses all Frang, dee se méi oder weider an der Täsch hunn, d'office an de Konsum géife stiechen. Grad déi Bevölkerungsgruppe si jo eidel ausgaangen oder goufe mat engem Almosen ofgespeist. Ech erspueren Iech dat Rechnungsgekünstels, och deemools am CSV-Profil - ech hu se awer all hei, wann ee wëllt, liesen ech et gär vir -, fir de Verglach ze maachen tëschent deenen Almosen, déi verdeelt gi si bei deenen heite Kategorië vu Leit an anere Leit.

Par contre sinn déi Bevölkerungsgruppe mat engem héije Revenu zolidd bedéngt ginn. An elo muss ech natierlech d'Fro stellen, wat dat soll, wann een deene Persounen, déi ënnert de Spëtzesteiersaz falen, esou substanziell Erliichterunge gëtt, wéi dës Regierung dat gemaach huet, ob dat onbedengt zu méi héijem Konsum bei deene Leit féiert. Ech behaapten: neen, well déi Kategorië vu Leit gi mat Sécherheet net méi alles an de Konsum. Déi kafe sech net e véierten oder fënneften Auto oder en drëtten oder véierte Videorecorder, oder ech weess net wat nach alles, mä déi placéieren hiert Geld zu ganz lukrative Konditiounen op deene Plazen, déi an deem Moment lukrativ sinn. An dofir ass et och kloer, dass déi Gelder, déi mer bei deene Leit gelooss hunn, net an de Konsum gaange sinn, mä op ganz aner Plazen, wéi d'Regierung sech dat ausgerechent hat.

Dofir huet de Steierreduktiounsprogramm 2001 an 2002 och d'Zil total oder zumindest deelweis verfeelt, fir de Konsum héich ze halen. A wann een den Detail vun de Chiffere kuckt, a wat fir enge Beräicher de Konsum nach eenegermoosse geklommen ass, haaptsächlech 2002 an och elo 2003 domat gerechent gëtt, da kann een dat ganz däitlech feststellen, d'autant plus wou dat sech och nach deelweis ëm Secteuren handelt, déi bei der Berechnung vum PIB iwwerhaapt keng Roll spillen.

Wann ech den Horesca-Secteur, also d'Hôtellerie an d'Restauratiounsbranche huelen, och wa muer d'Lëtzebuerger amplaz véiermol d'Woch, 15mol d'Woch an de Restaurant ginn, dann huet dat ganz wéineg Afloss op d'Steigerungsrat vum PIB an op d'Einnahmesäit vum Lëtzebuerger Stat.

Mä nach méi wäit ass d'Verfeelung vun der Politik vun dëser Regierung, wann een dat vergläicht mat där schwiereger Situatioun wou mer elo dra sinn, well mir kënne jo feststellen, dass d'Lounofschlëss 2002 bedeitend méi schlecht gi si wéi déi Jore virdrun, wat natierlech d'logesch Konsequenz ass vun deem wirtschaftlechen Abroch, a wann ech soen: D'Lounofschlëss gi méi schlecht, da muss ee sech froen. Wien trefft dat? Majo déiselwecht Leit, déi 2000 an 2001 souwisou näischt kritt hunn, well et sinn déi Leit mat deenen niddrege Revenuen, déi a konjunkturell méi schwieregen Zäiten am meeschten ënner Drock geroden, wat natierlech dann dozou féiert, datt den Drock op de Stat, fir iwwer en anere Wee zumindest da Kompensatiounen ze kréien, Stéchwuert Mindestloun, nach vill méi héich gëtt. Et ass och dofir esou, datt deen Drock, deen do entsteet, duebel Konsequenze wäert hunn op Kleng- a Mëttelbetriber an deenen nächste Joren. Et ass esou, datt déi Mindestlounerhéijung, déi mer wäerten décidéieren am Dezember, déi den éischte Januar d'nächst Joer a Kraaft wäert trieden, scho längst net méi duergeet, fir de Konsumverfall, dee scho laang agesat huet, bei deene Leit mat klengem Revenu ze kompenséieren.

Ech weess net, wéi Der Iech et virstellt, wéi déi Leit sollen an nächster Zäit, wann déi dote Saache sech all konkretiséieren, nach iwwert d'Ronne kommen.

Déi iwwert d'Mooss eraus duerchgezunne Steierreduktioune berouen einfach op där banaler Iddi, datt all Steierausfall duerch méi héije Wuesstum géif kompenséiert oder esouguer nach gesteigert ginn. Sécherlech kann een iwwer Steierpolitik d'Rahmebedéngunge vun der Ekonomie beaflossen, mä awéifern datt virun allem massiv, ouni Selektivitéitscritèrën duerchgezunne Steierreduktiounen an alle Fäll e positiven Effekt op d'Ekonomie hunn, ass méi wéi kontestabel. An ech däerf och drun erënneren, datt virun zwee Joer, ënnert dem Androck vun dem Wirtschaftswonner zu Lëtzebuerg, all Kritik un deene massive Steierreduktioune belächelt ginn ass a gemengt ginn ass, datt trotz deem enorme Verzicht op der Steiersäit, d'Recetten awer massiv géife klammen.

Oder wéi soss wier et ze erklären, datt bei den Eckwäerter vum Budget vum August vun dësem Joer nach eng Steigerung vun de Recettë bei der Kierperschaftssteier vun 18% par rapport zu 2002 erwaart ginn ass. Obschonn am August vun dësem Joer d'Konjunkturerlahme scho méi wéi däitlech war, wollten de Finanz- an de Budgetsminister net un d'Realitéit gleewen.

Ech muss och soen, wann ech mech drun erënnere wat mer diskutéiert hunn am Kader vum Erofsetze vun der Gewerbesteier virun annerhalwem Joer, da beleet dat ganz däitlech vu wat fir enger Prognos oder engem Szenario dës Regierung ausgaangen ass. Wat kruten d'Gemenge versprach virun annerhalwem Joer, wéi mat hinnen négociéiert ginn ass am Ufank, fir d'Gewerbesteier ganz ofzeschafen an duerno fir d'Gewerbesteier erofzesetzen? Si hu gesot kritt: Dir reegt Iech zu Onnëtz op, well Dir wäert gesinn, trotzdeem datt d'Gewerbesteier erofgesat gëtt, wäerten ënnert dem Stréch Är Recettë massiv weider klammen. Dat war jo och an der Vergaangenheet esou. A wat war d'Vergaangenheet? Dat waren eben déi fett Joren tëschent 1995 an 2000, wou mer en iwwermoossege Wuesstum haten, an eleng all déi Aussoen, déi deemools do gemaach gi sinn, beleeën, datt dës Regierung de feste blanne Glawen hat, datt et och déi nächst Joren zu Lëtzebuerg géing weider goe mat dem Wuesstum vu mindestens 4%, obschonn d'gesamt international Konjunktur schonn zolidd gewackelt huet.

Ech wëll net méi am Detail op d'Gewerbesteier an op d'Konsequenzen dovun agoen. Dat wäert mäi Kolleeg, de Camille Gira, muer maachen.

An dann ass och d'Ausso vum Finanzminister ganz interessant, wann hien elo seet, den Abroch vun de Recettë fir de Stat wier zréckzeféieren op de Konjunkturabroch, op déi schlecht international Konjunktur. Dat ass scho richteg, mä et muss ee soen, wann et 1999 an 2000 richteg war, wéi et geboomt huet - a mir hunn ëmmer drop higewisen als Oppositioun, datt dat net onbedéngt de grousse Mérite wär vun dëser Regierung, dann ass verwise ginn op de Fait, datt déi Konjunkturlag, déi mer do hätten, nëmmen e positiven Nidderschlag géing fanne fir d'Recettë vum Stat, well effikass an duerchduechte politesch Rahmebedéngunge vun der CSV zu Lëtzebuerg zënter Jore géinge gemaach ginn -, mä dann zielt dat och, wann de Konjunkturhimmel schlecht oder miserabel ausgesäit. Och dann ass sécherlech d'Schold vum Abrieche vun der Konjunktur net bei dëser Regierung ze sichen, mä wa schonn no annerhalwem Joer Abroch vun der Konjunktur en Déséquiliber am Budget entsteet wéi deen, dee mer elo hei virfannen, da muss ee soen, da waren d'Rahmebedéngunge vun der Politik, déi déi Jore virdru gemaach gi sinn, net ganz duerchduecht, well soss däerft dat net virkommen.

An et ass ganz däitlech: Am Joer 2000 huet zu Lëtzebuerg den Danz ëm dat goldent Kallef stattfonnt a wéi de Finanzmoses vun der CSV duerch d'Gejäitz vun den Danzenden alarméiert ginn ass a vu sengem Bierg erofgeklommen ass, dunn ass e schwaach ginn an amplaz dem Vollek déi minimal Uerdnungsregelen duerzeleeën, huet e matgedanzt an dowéinst hu mer haut déi Situatioun, déi mer hunn.

Et ass effektiv net esou, datt dës Regierung de Konjunkturabroch verschëlt huet, mä de Fait, datt de Budget esou séier an den Déséquiliber komm ass, dat ass ganz kloer d'Schold vun dëser Regierung, an den Hannergrond dovunner si Steierreduktiounsprogrammer, déi wäit iwwert d'Zil erausgeschoss hunn.

Duebel rächt sech natierlech och elo, datt mer virun zwee Joer keng ekologesch Elementer an eise Steiersystem agefouert hunn. Et ass vill wäertvoll Zäit verluer gaangen, well mer dat net gemaach hunn, an déi wichteg ekologesch Steierreform, déi menger Meenung no eleng noutwendeg ass fir déi ekologesch Rekonversioun vun eiser Ekonomie, als wichtege Reformprojet weider ze bréngen, wäert sécherlech net méi einfach gi bei enger schlechter Konjunkturlag. An ech hunn ëmmer gesot op dëser Tribün, déi Jore wou mer vill Plus-valuen an héich Recetten haten: Kommt mir setzen elo u mat där Reform, well et ass elo de Moment fir dat ze maachen. Wa mer et elo usetzen, da bréngt mer et fäerdeg op eng Aart a Weis, datt et zumindest, wann déi éischt Phas uleeft, kengem wéi deet.

Mä ech mengen, et ass jo och net esou einfach, well wann een d'Nopeschlänner mat eis vergläicht, ware mir jo nach virun zwee Joer Spëtzereider beim Wuesstum vum PIB, a mir sinn an annerhalwem Joer op d'lescht Plaz erofgerutscht. Ech hu virdrun zitéiert wéi de Steierniveau an den Nopeschlänner ass. Déi si manner ofgerutscht beim Wuesstum vum PIB, trotz eisen enorme Steierreduktiounen. Dat huet nun eemol domadder ze dinn, dass et net esou einfach ass déi Equatioun ze maachen, dass, wat een d'Steiere méi erofsetzt, wat de Wirtschaftswuesstum méi wiisst a wat d'Konjunktur méi ugekuerbelt gëtt an de Konsum méi klëmmt. Wann déi Equatioun esou einfach wär, da wären och schonn anerer op d'Iddi komm a virun allem stellt ee fest, an ech kommen herno nach dorop zréck, dass all déi Länner, wou déi dote Logik zu Enn gefouert ginn ass, déi Länner sinn, déi net nëmme sozial virun enger eenzeger Katastroph stinn, mä doriwwer eraus alles aneschtes wéi gutt do stinn.

De Finanzminister huet eis d'lescht Woch hei gesot, dass hien erstaunt ass iwwert de Phenomeen, dass déi ënnert de gudde wirtschaftleche Virzeeche gemaachte Begléckung vun de physesche Persounen net zum Oprechterhale vun deem héije Konsum bäigedroen huet, wéi d'Regierung sech dat ausgerechent hat, wéi se déi Décisioune geholl huet, fir d'Steiere bei de physesche Persounen ze reduzéieren.

Et erstaunt een natierlech manner, wann ee kuckt wat fir eng Bevölkerungsgruppe vun deene Steierreduktiounen am meeschte profitéiert hunn. Dat ware jo bekanntlech net déi Bevölkerungsgruppen, déi par la force des choses

all Frang, dee se méi oder weider an der Täsch hunn, d'office an de Konsum géife stiechen. Grad déi Bevölkerungsgruppe si jo eidel ausgaangen oder goufe mat engem Almosen ofgespeist. Ech erspueren Iech dat Rechnungsgekünstels, och deemools am CSV-Profil - ech hu se awer all hei, wann ee wëllt, liesen ech et gär vir -, fir de Verglach ze maachen tëschent deenen Almosen, déi verdeelt gi si bei deenen heite Kategorië vu Leit an anere Leit.

Par contre sinn déi Bevölkerungsgruppe mat engem héije Revenu zolidd bedéngt ginn. An elo muss ech natierlech d'Fro stellen, wat dat soll, wann een deene Persounen, déi ënnert de Spëtzesteiersaz falen, esou substanziell Erliichterunge gëtt, wéi dës Regierung dat gemaach huet, ob dat onbedengt zu méi héijem Konsum bei deene Leit féiert. Ech behaapten: neen, well déi Kategorië vu Leit gi mat Sécherheet net méi alles an de Konsum. Déi kafe sech net e véierten oder fënneften Auto oder en drëtten oder véierte Videorecorder, oder ech weess net wat nach alles, mä déi placéieren hiert Geld zu ganz lukrative Konditiounen op deene Plazen, déi an deem Moment lukrativ sinn. An dofir ass et och kloer, dass déi Gelder, déi mer bei deene Leit gelooss hunn, net an de Konsum gaange sinn, mä op ganz aner Plazen, wéi d'Regierung sech dat ausgerechent hat.

Dofir huet de Steierreduktiounsprogramm 2001 an 2002 och d'Zil total oder zumindest deelweis verfeelt, fir de Konsum héich ze halen. A wann een den Detail vun de Chiffere kuckt, a wat fir enge Beräicher de Konsum nach eenegermoosse geklommen ass, haaptsächlech 2002 an och elo 2003 domat gerechent gëtt, da kann een dat ganz däitlech feststellen, d'autant plus wou dat sech och nach deelweis ëm Secteuren handelt, déi bei der Berechnung vum PIB iwwerhaapt keng Roll spillen.

Wann ech den Horesca-Secteur, also d'Hôtellerie an d'Restaurationsbranche huelen, och wa muer d'Lëtzebuerger amplaz véiermol d'Woch, 15mol d'Woch an de Restaurant ginn, dann huet dat ganz wéineg Afloss op d'Steigerungsrat vum PIB an op d'Einnahmesäit vum Lëtzebuerger Stat.

Mä nach méi wäit ass d'Verfeelung vun der Politik vun dëser Regierung, wann een dat vergläicht mat där schwiereger Situatioun wou mer elo dra sinn, well mir kënne jo feststellen, dass d'Lounofschlëss 2002 bedeitend méi schlecht gi si wéi déi Jore virdrun, wat natierlech d'logesch Konsequenz ass vun deem wirtschaftlechen Abroch, a wann ech soen: D'Lounofschlëss gi méi schlecht, da muss ee sech froen. Wien trefft dat? Majo déiselwecht Leit, déi 2000 an 2001 souwisou näischt kritt hunn, well et sinn déi Leit mat deenen niddrege Revenuen, déi a konjunkturell méi schwieregen Zäiten am meeschten ënner Drock geroden, wat natierlech dann dozou féiert, datt den Drock op de Stat, fir iwwer en anere Wee zumindest da Kompensatiounen ze kréien, Stéchwuert Mindestloun, nach vill méi héich gëtt. Et ass och dofir esou, datt deen Drock, deen do entsteet, duebel Konsequenze wäert hunn op Kleng- a Mëttelbetriber an deenen nächste Joren. Et ass esou, datt déi Mindestlounerhéijung, déi mer wäerten décidéieren am Dezember, déi den éischte Januar d'nächst Joer a Kraaft wäert trieden, scho längst net méi duergeet, fir de Konsumverfall, dee scho laang agesat huet, bei deene Leit mat klengem Revenu ze kompenséieren.

Ech weess net, wéi Der Iech et virstellt, wéi déi Leit sollen an nächster Zäit, wann déi dote Saache sech all konkretiséieren, nach iwwert d'Ronne kommen.

Déi iwwert d'Mooss eraus duerchgezunne Steierreduktioune berouen einfach op där banaler Iddi, datt all Steierausfall duerch méi héije Wuesstum géif kompenséiert oder esouguer nach gesteigert ginn. Sécherlech kann een iwwer Steierpolitik d'Rahmebedéngunge vun der Ekonomie beaflossen, mä awéifern datt virun allem massiv, ouni Selektivitéitscritèrën duerchgezunne Steierreduktiounen an alle Fäll e positiven Effekt op d'Ekonomie hunn, ass méi wéi kontestabel. An ech däerf och drun erënneren, datt virun zwee Joer, ënnert dem Androck vun dem Wirtschaftswonner zu Lëtzebuerg, all Kritik un deene massive Steierreduktioune belächelt ginn ass a gemengt ginn ass, datt trotz deem enorme Verzicht op der Steiersäit, d'Recetten awer massiv géife klammen.

Oder wéi soss wier et ze erklären, datt bei den Eckwäerter vum Budget vum August vun dësem Joer nach eng Steigerung vun de Recettë bei der Kierperschaftssteier vun 18% par rapport zu 2002 erwaart ginn ass. Obschonn am August vun dësem Joer d'Konjunkturerlahme scho méi wéi däitlech war, wollten de Finanz- an de Budgetsminister net un d'Realitéit gleewen.

Ech muss och soen, wann ech mech drun erënnere wat mer diskutéiert hunn am Kader vum Erofsetze vun der Gewerbesteier virun annerhalwem Joer, da beleet dat ganz däitlech vu wat fir enger Prognos oder engem Szenario dës Regierung ausgaangen ass. Wat kruten d'Gemenge versprach virun annerhalwem Joer, wéi mat hinnen négociéiert ginn ass am Ufank, fir d'Gewerbesteier ganz ofzeschafen an duerno fir d'Gewerbesteier erofzesetzen? Si hu gesot kritt: Dir reegt Iech zu Onnëtz op, well Dir wäert gesinn, trotzdeem datt d'Gewerbesteier erofgesat gëtt, wäerten ënnert dem Stréch Är Recettë massiv weider klammen. Dat war jo och an der Vergaangenheet esou. A wat war d'Vergaangenheet? Dat waren eben déi fett Joren tëschent 1995 an 2000, wou mer en iwwermoossege Wuesstum haten, an eleng all déi Aussoen, déi deemools do gemaach gi sinn, beleeën, datt dës Regierung de feste blanne Glawen hat, datt et och déi nächst Joren zu Lëtzebuerg géing weider goe mat dem Wuesstum vu mindestens 4%, obschonn d'gesamt international Konjunktur schonn zolidd gewackelt huet.

Ech wëll net méi am Detail op d'Gewerbesteier an op d'Konsequenzen dovun agoen. Dat wäert mäi Kolleeg, de Camille Gira, muer maachen.

An dann ass och d'Ausso vum Finanzminister ganz interessant, wann hien elo seet, den Abroch vun de Recettë fir de Stat wier zréckzeféieren op de Konjunkturabroch, op déi schlecht international Konjunktur. Dat ass scho richteg, mä et muss ee soen, wann et 1999 an 2000 richteg war, wéi et geboomt huet - a mir hunn ëmmer drop higewisen als Oppositioun, datt dat net onbedéngt de grousse Mérite wär vun dëser Regierung, dann ass verwise ginn op de Fait, datt déi Konjunkturlag, déi mer do hätten, nëmmen e positiven Nidderschlag géing fanne fir d'Recettë vum Stat, well effikass an duerchduechte politesch Rahmebedéngunge vun der CSV zu Lëtzebuerg zënter Jore géinge gemaach ginn -, mä dann zielt dat och, wann de Konjunkturhimmel schlecht oder miserabel ausgesäit. Och dann ass sécherlech d'Schold vum Abrieche vun der Konjunktur net bei dëser Regierung ze sichen, mä wa schonn no annerhalwem Joer Abroch vun der Konjunktur en Déséquiliber am Budget entsteet wéi deen, dee mer elo hei virfannen, da muss ee soen, da waren d'Rahmebedéngunge vun der Politik, déi déi Jore virdru gemaach gi sinn, net ganz duerchduecht, well soss däerft dat net virkommen.

An et ass ganz däitlech: Am Joer 2000 huet zu Lëtzebuerg den Danz ëm dat goldent Kallef stattfonnt a wéi de Finanzmoses vun der CSV duerch d'Gejäitz vun den Danzenden alarméiert ginn ass a vu sengem Bierg erofgeklommen ass, dunn ass e schwaach ginn an amplaz dem Vollek déi minimal Uerdnungsregelen duerzeleeën, huet e matgedanzt an dowéinst hu mer haut déi Situatioun, déi mer hunn.

Et ass effektiv net esou, datt dës Regierung de Konjunkturabroch verschëlt huet, mä de Fait, datt de Budget esou séier an den Déséquiliber komm ass, dat ass ganz kloer d'Schold vun dëser Regierung, an den Hannergrond dovunner si Steierreduktiounsprogrammer, déi wäit iwwert d'Zil erausgeschoss hunn.

Duebel rächt sech natierlech och elo, datt mer virun zwee Joer keng ekologesch Elementer an eise Steiersystem agefouert hunn. Et ass vill wäertvoll Zäit verluer gaangen, well mer dat net gemaach hunn, an déi wichteg ekologesch Steierreform, déi menger Meenung no eleng noutwendeg ass fir déi ekologesch Rekonversioun vun eiser Ekonomie, als wichtege Reformprojet weider ze bréngen, wäert sécherlech net méi einfach gi bei enger schlechter Konjunkturlag. An ech hunn ëmmer gesot op dëser Tribün, déi Jore wou mer vill Plus-valuen an héich Recetten haten: Kommt mir setzen elo u mat där Reform, well et ass elo de Moment fir dat ze maachen. Wa mer et elo usetzen, da bréngt mer et fäerdeg op eng Aart a Weis, datt et zumindest, wann déi éischt Phas uleeft, kengem wéi deet.

Wa mer dat deemools gemaach hätten, da wäre mer elo vill besser drun, well d'Ökosteieren hunn e laangfristege Lenkungscharakter. Déi solle laangfristeg dozou bäidroen, datt verschidden negativ Verhalensweisen an eisem Ëmweltberäich ofhuelen, respektiv op Null zréckginn, an deementspriechend déi Einnahmen, déi duerch d'Ökosteiere kommen, och laangfristeg zu Null sollen tendéieren. Si bewierken ebe laangfristeg, datt d'Besteierungselementer, op déi se opgebaut sinn, ewechfalen. Mä kuerzfristeg bedeit et eng nei Einnahmequell, a wann een eng duerchduechten ekologesch Steierreform gemaach hätt, da kéint déi nei Einnahmequell genotzt gi fir de Finanzement vun der ekologescher Rekonversioun, fir ekologesch Subventiounspolitik an der Privatindustrie ze maachen a fir en ekologeschen öffentlechen Investitiounsprogramm ze droen,.

A grad beim leschten Element besteet en enormen öffentleche Finanzéierungsbedarf. D'Moderniséierung vun öffentlechen Infrastrukturen ass am Intérêt vun engem zukunftsfäege Wirtschaftsstanduert an ass am Intérêt vun de kommende Generatiounen onerlässlech. Si benéidegt an deenen nächste Joren, a souguer Jorzéngten, héichwäerteg pluriannuel Investitiounsprogrammer. Sou zum Beispill Investissementer an öffentlech Verkéierssystemer, den Ëmbau vun eisem Energiesystem, d'Statssanéierung an -erneierung, d'öffentlech Versuergung an d'Entsuergung vun Ofwaasser an Offäll, d'Sanéierung vu Biedem - Stéchwuert Industriebroochen, op déi mer nach an deem Kontext vill wäerten ze schwätze kommen -, Flëss a Bëscher, d'Ënnerstëtzung vu Fuerschung fir modern Ëmwelttechnologien: All dës, fir den ekologeschen Ëmbau wichteg Programmer, kéinten iwwer kuerz- a mëttelfristeg Einnahme vun der Ökosteier finanzéiert ginn.



Wéi gutt géing et dëser Regierung doen, wa se elo kéint, fir de pluriannuellen Investitiounsprogramm an deenen nächste Joren ze finanzéieren, op dës Einnahmequell zréckgräifen? An ech hu bei menger Interpellatioun diesbezüglech am Fréijoer 2000 scho gesot, dass dës Regierung déi fett Jore vun 1995 bis 2000, am Sënn vun enger zukunftsfäeger Finanzpolitik, verschlof hätt. Haut stellt sech eraus, wéi Recht Déi Gréng leider behalen hunn. Den CSV-Finanzminister huet dës Reform sträflech verpasst.

Dat erlaabt mer dann awer och zu engem wichtege Kapitel ze kommen, dat och den Här Calmes a sengem Rapport am Detail ugeschwat huet, nämlech dat vun der Politique d'investissement am Allgemengen, dat eis jo och schonn zënter dem leschte Joer - dem Rapport vum Här Wiseler - staark interesséiert, an eis och elo an deenen nächste Joren nach méi muss interesséieren. An ech muss em félicitéieren, engersäits fir seng interessant Ureegungen, déi en zum Schluss gemaach huet - ech wëll herno nach drop zréckkommen -, mä virun allem awer och fir d'Gelénge vun deem schwieregen Exercice, dëse verfälschte camoufléierte Budgetsprojet, virun allem op der Einnahmesäit esou glafwierdeg am Numm vun der Majoritéit ze vertrieden, an och nach esou ze vertrieden, dass effektiv déi héich Investitiounsquot bei den Investitiounsfonge kéint oprecht erhale ginn, ouni dass mer missten dat soen, wat mer eigentlech misste soen, a wat als eenzeg d'Banque Centrale richteg berechent huet, nämlech, datt mer ganz no un déi 3% Defizit vum PIB géinge kommen, déi sougenannte Schmäerzensgrenz, déi eis vum Stabilitéitspakt operluecht ass.

Mä zréck zu der Politique d'investissement. Den Här Calmes stellt do fest, datt Politique d'investissement kee Luxus, mä eng absolut Noutwendegkeet ass. Domadder kann ee sécherlech d'accord sinn. Mä e stellt awer dann eng aner, ganz beängschtegend Tatsaach fest. E seet nämlech, datt am Budget 2003 eng Croissance vun de Fonds spéciaux par rapport zu 2002 vun 18,4% ass, mä datt d'Croissance vun de Recettë vun 2001 op 2003 nëmmen 10% ausmécht. Woubäi ech nach géing dobäi fügen, datt ech bezweifelen, datt mer déi am Budgetsprojet erwaarte Croissance vun de Recettë wierklech wäerten erreechen; ech wäert och herno nach dorop zréckkommen.

An e bemierkt da Folgendes ganz richteg, an ech zitéieren de Rapport wou hie seet: „Pour 2003, donc environ 785 millions d'euros doivent être couverts par un recours à la réserve budgétaire, plus précisément les moyens financiers excédentaires des exercices passés, ou bien par un recours à l'emprunt, pourtant pas souhaité par le Gouvernement". An e stellt zu Recht fest, datt d'Avoire vun de Fonds spéciaux, trotz nach héijen Investissementsdépensen, sensiblement à la baisse sinn. E geet dann och zu Recht dovunner aus, dass no 2003 d'Wahrscheinlechkeet ganz, ganz grouss wäert sinn, dass, iwwer aner Modes de financement alternatifs, Investissementer fir d'Fonds spéciaux mussen ofgeséchert ginn, well et anescht soss net méi opgeet.

Elo muss ee sech natierlech d'Fro stellen : Wat sinn dann elo déi Modes de financement alternatifs? Een dovunner, deen ech opgezielt hunn, hätt et kënne sinn ; dat wär d'Ökosteier gewiescht. Dës Regierung huet déi Reform leider verschlof. Dofir ass et natierlech elo ganz schwéier op dat Element zréckzegräifen, well mir hunn et nämlech net. An et kann ee just nëmmen hoffen, datt déi Studie, déi jo wahrscheinlech elo gläich wäert vum Mouvement Écologique virgestallt ginn, wat eigentlech eng Weiderféierung ass vun där Studie, déi scho virun e puer Joer vum Mouvement Écologique presentéiert ginn ass, relativ séier e grousst Gehéier bei dëser Regierung fënnt, an datt mer awer nach iergendwann eng Kéier, dann no 10 oder 15 Joer Diskussiounen, do zu där wichteger Reform kommen.

Eng aner Méiglechkeet, dat wär, de Rapporteur schwätzt déi jo un, datt mer d'Finanzementer am Plan d'investissement pluriannuel géinge strecken. Mä dat ass eigentlech just nëmmen eng ganz schéin Ëmschreiwung vun eppes, wat näischt aneschters bedeit, wéi datt mer déi Investissementsretarden, déi mer an enger ganzer Rei Domainen, ob dat am Schoulberäich ass oder wou och ëmmer, hunn, géinge méi lues ophuelen, wéi mer dat eigentlech wëllen. Well wann een d'Dépensë vun Investissementer streckt, da streckt een näischt anescht wéi de Projet, dat heescht, da kuckt een, datt verschidde Projeten, déi, loosse mer soen, 2006 hätte misse fäerdeg realiséiert ginn, vläicht eréischt 2008 oder 2009 fäerdeg realiséiert ginn, mat alle Konsequenzen, déi dat natierlech fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg huet.

An ech si souguer der Meenung, datt et eng Rei Domainer gëtt, ob dat d'Schoulwiesen ass, den öffentlechen Transport, de Logement an sou weider, wou dat do extrem fatal wär, wa mer do géingen an déi Richtung goen, fir d'Dépensen ze strecken. Well do den Nohuelbedarf par rapport zu den 90er Joren an den 80er Joren haut schonn esou verréckt grouss ass, datt et wierklech ganz grave Konsequenzen hätt, wann een do géing déi Dépensëberäicher strecken.

Eng drëtt Méiglechkeet, dat wär, datt mer géinge bei eisen Dépensen eng aner Prioritéitesetzung maachen. Dat ka ganz sécher eng interessant Pist sinn, insofern een déi och op novollzéibaren an noweisbaren Elementer entaméiert. Mir hate jo zumools an der öffentlecher Bautepolitik hei am Land éischter eng Mentalitéit an deene leschte Joren, déi sech jo no der Devise „klotzen statt kleckern" orientéiert huet. Beispiller hu mer jo an deene leschte Méint a Jore genuch geliwwert kritt an der Budgetskontrollkommissioun,. An et ass sécherlech méiglech, wann een eng aner Prioritéitesetzung mécht, datt dat „klotzen statt kleckern" an deem dote Beräich ophéiert.

Mä da muss ee sech awer och d'Fro stellen, wat dat bedeit. Dat bedeit op alle Fall fir mir meng Begréffer zum Beispill, datt an der Verkéierspolitik, och am Sënn vun enger effikasser Gestioun vun den öffentleche Finanzen, misst geplangt ginn, an endlech e Gesamtverkéierskonzept op d'Bee misst gestallt ginn, wou zu Fouss goen, Velo, Bus, Zuch, Tram an Auto als Mobilitéitsmëttelen aus alle vollekswirtschaftleche Gesiichtspunkte matenee géinge verglach ginn, ier Décisioune geholl gi, a wat fir eng Richtung dass mer ginn.

Da musse mer Prioritéite setzen, Dir Dammen an Dir Hären, an net méi mat oneffikasser a käschtenintensiver Duebelstrategie an der Mobilitéitsstrategie weiderfueren, wéi mer dat awer zum Beispill während 15 Joer gemaach hunn, mat Milliarden Onkäschte fir de Lëtzebuerger Statsbudget, wou mir ëmmer dervir gewarnt hunn, a wou d'Resultater, dat wäert sech och an deenen nächste Joren erausstellen, fir d'Ekonomie a fir d'Gesellschaft méi wéi medioker wäerte sinn ; d'Nofolgekäschte kommen och nach dobäi.

Mä meng Erfahrunge vun deene leschte Jore soe mer awer, dass dës Regierung kaum à même ass, esou eng duerchduechten Inves-

tissementspolitik am Mobilitéitsberäich zum Beispill ze maachen, mä och an anere Beräicher. An ech ginn dem Här Krecké Recht, wann en hei de Mëtteg och drop higewisen huet, datt verschidden nei Weeër vun der Majoritéit, déi mer an der Budgetskontrollkommissioun an deene leschte Wochen hu misse materliewen, éischter dorop hindeiten, datt et an eng ganz aner Richtung wäert goen. Nämlech fir ze versichen, do wou Feeler festgestallt gi sinn, déi éischter ze camoufléieren, wéi éierlech dorun erunzegoen.

Véiert a lescht Méiglechkeet, dat wär, datt mer de Recours zum Emprunt géingen ophuelen, dat heescht, méi eng héich Statsverschëldung géingen ustriewen. Lëtzebuerg huet am Moment jo eng extrem niddereg Statsschold. A si leeft esouguer am Joer 2008 och nach ganz aus. Kuerzfristeg ass dofir sécherlech e Spillraum do, fir nei Finanzementer iwwer Emprunten ze maachen. Allerdéngs géing ech dovir warnen, well, och de Rapporteur stellt dat zu Recht fest, et zumools fir e klengt Land kaum ustriewenswäert wär, fir de maximale Spillraum, deen de Stabilitéitspakt eis léisst, bei der Neiverschëldung, auszereizen.

Ech sinn nämlech der Meenung, datt wann een dat géing maachen, da lieft een net nëmmen duerch esou eng Finanzpolitik op Käschte vun der nächster Generatioun, an och de Gesamtkäschtepunkt vun de Projete gëtt vill méi héich, mä et riskéiert een och virun allem, bei engem méi laang undauernde konjunkturellen Abroch, esou staark mussen un der Steierschrauw ze dréinen, fir déi ëmmer méi héich Schold zréckzebezuelen, dass eise Wirtschaftsstanduert domadder definitiv d'Baach géing agoen.

Dofir kann den Emprunt nëmmen ee ganz bescheidenen alternative Finanzéierungswee duerstellen, fir kuerzfristeg iwwert d'Ronnen ze hëllefen. Ech hunn och bei dëser Regierung de Verdacht - vu datt 2003 de Camouflage jo nawell gutt gelongen ass, deen 2004, am Wahljoer, awer wahrscheinlech manner gutt wäert geléngen -, datt mer 2004 an déi do Richtung wäerte goen, an iwwert dee Wee da manner Dotatiounen an de Fonds d'investissement wäerte maachen, fir den Déséquilibre am Budget net esou grouss kënnen ze maachen, a virun allem allem och net am ordinaire Budget op anere Plaze schnëppele mussen ze goen, déi natierlech électoral géinge vill méi wéi doen.

Dofir wäerte mer wahrscheinlech 2004 mat Sécherheet an déi dote Richtung goen.

Ech wëll och direkt op dat verweisen, wat de Rapporteur do op der Säit 106 vu sengem Rapport schreift, wou en eng Situatioun nach eng Kéier zréckgeholl huet vum Claude Wiseler vum leschte Joer, deen eigentlech do ganz wäitsichteg war, wou en op déi Situatioun, an där mir ons haut befannen, par rapport zu de Fonds d'investissement higewisen huet. En hat wahrscheinlech selwer net geduecht, datt et esou brutal an esou séier géif antrieden, wat e geschriwwen huet. En huet deemools nach eng Projektioun gemaach bis 2005 an natierlech op Basis vun engem Wuesstum, deen en anere war d'lescht Joer.

Ech hunn deemools schonn hei an der Chamber gesot, datt eigentlech seng Iwwerleeunge ganz richteg a ganz gutt waren, mä datt en do, wou et interessant géing ginn, géif ophalen aus bekannte Grënn, well en nun emol e Vertrieder wär vun der Majoritéit an dofir eng Rei Saachen net kéint soen. Well soss hätt en eigentlech missen d'lescht Joer do weiderfueren an dovir warnen, grad aus deenen doten Iwwerleeungen eraus, datt am Joer 2000 um Hannergrond vun deem Rausch, an deem mer ons befonnt hunn, eigentlech d'Finanzcapacitéit vum Stat iwwerméisseg strapazéiert ginn ass, an datt dat eis eben zu Problemer an deenen nächste Jore géif féieren.

Ech muss Iech awer och éierlech soen, datt ech bei de Budgetsdebatten d'lescht Joer zwar ëmmer grouss Angscht hat, datt dat eng Kéier géif passéieren an deenen nächste Joren, mä ech hat awer och selwer net geduecht, datt et bannent sechs Méint scho géif antrieden. Leider ass dat awer geschitt. Et ass awer ganz genau de Contraire, wat dës Regierung virun allem am Rausch vun de Boomjoren 1999 an 2000 gemaach huet. Si ass virun allem dovun ausgaangen, datt Lëtzebuerg, egal wéi et ronderëm eis géif ausgesinn, ëmmer ee Wuesstum vu mindestens 4% vum PIB géif erreechen. Si ass dofir monter weidergefuer an eng Richtung, fir ze maache wéi wann een all Joers kënnt iwwert d'Plus-values budgétaires eisen héije Besoin un öffentlechen Investissementer finanzéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech dat doten alles beschreiwen, an déi Risiken, déi sech fir eis ofzeechnen, dann ass dat, wat mer eigentlech am Kader vum Etat de la Nation diskutéiert hunn, déi ominös Debatt ronderëm dee sougenanntene 700.000-Awunnerstat, sécher net méi falsch ginn.

Ech si just der Meenung, an dat hunn ech och deemools scho gesot, datt eigentlech déi Zuel „700.000 Awunner" deen eigentlechen Défi, dee sech hannert deem Débat géing verstoppen, géing verzerren. Well d'Froestellung vun där Zukunftsdebatt eigentlech méi richteg gewiescht wär, wann ee gefrot hätt: Wéi ee Lëtzebuerg wëlle mer fir muer? Ech mengen, just grad haut, angesichts där méi schlechter konjunktureller Lag, angesichts där méi schlechter Finanzlag vum Stat, ass déi Debatt nach vill méi wichteg ginn. Well elo de Risiko vum blannen Aktivismus bei der Regierung nach vill méi grouss wäert ginn an deenen nächste Joren, wéi e schonn an der Vergaangenheet war.

Mir sinn awer allerdéngs der Meenung, datt den Défi, dee sech hannert där Debatt verstoppt, nämlech ass fir méi Planung ze kréien an dësem Land, méi Planung an alle politesche Ressorten, an datt eigentlech genau dat an deene leschte 15 Jore bei volle Keese virun allem d'Politik sech schwéier gemaach huet, wann et ëm d'Detailplanung gaangen ass. Et ass eigentlech ëmmer an d'Richtung gaangen, datt versicht ginn ass, jiddferengem seng Wënsch ze erfëllen, souguer wa se sech widdersprach hunn, a souguer wa se sënnlos waren.

Ech ginn der Regierung zwar Recht wa se seet, engersäits, et soll een elo keng Panikmache bedreiwen, datt déi am Moment net ubruecht ass, mä ech sinn awer allerdéngs der Meenung, datt Nodenklechkeet, virun allem en Iwwerdenken iwwert d'Virgehensweis vun deene leschte Jore ganz staark ubruecht ass. Mir hu gréisst Zweifel drun, datt dës Regierung, där hir éischt dräi Joer duerch eng Schönwetter- Grousslag zu enger zolitter Portioun Bequemlechkeet a Selbstzefriddenheet gefouert hunn, dozou fäeg ass.

An deene leschte Joren haten déi Gréng meeschtens als Haaptgrond, fir géint dëse Budget ze stëmmen, datt se een Désaccord fondamental hate mat der politescher Prioritéitesetzung vun dëser Regierung. Dëst Joer hunn déi Gréng mat Sécherheet een duebele Grond fir dëse Budget net ze stëmmen. Éischtens, well d'Prioritéitesetzung eiser Meenung no nach ëmmer falsch ass, mä zweetens och, well de Budget camoufléiert ass, respektiv well en op der Recettësäit friséiert ass.

Well et ass ganz kloer, dat wat mer de Moment hei maachen, wou mir higinn, an zemools bei der Kierperschaftssteier einfach de Chiffer esou stoe loossen, wéi mer en am August bei den Eckwäerter vum Budget matgedeelt hunn, datt mer e géifen an de Budget aplangen, dat ass eigentlech de Leit just Sand an d'Ae gestreet, well éischtens sinn ech der Meenung, datt dat méi schnellt Andreiwe vun de Steierréckstänn vum leschte Joer souguer och een negativen Effekt huet op d'Ekonomie als Solches, an datt souguer, och wann een haut keng Steiererhéijung mécht, zumindest dat en ähnleche psychologeschen Effekt huet bei enger ganzer Rei Wirtschaftssecteuren, wéi wann een d'Steiere géif héijen.

Well mer wëssen alleguerten, datt déi meescht Betriber, an och déi meescht privat, also physesch Persounen, ëmmer vu Retarde bei de Steiererklärungen ausgaange sinn, an dat war och esou ageplangt an och esou agerechent. Dir wäert gesinn, datt d'Steierverwaltung - dees sinn ech mer zimlech sécher - et net wäert fäerdeg bréngen, fir déi Recetten an deem Mooss anzedreiwe wéi d'Regierung dat mengt datt dat vläicht méiglech misst sinn. Mä dovunner ofgesi mengen ech, datt d'Regierung hätt missen zumindest éierlech hei och, sou wéi si et bei de physesche Persoune gemaach huet, op den Dësch leeën, wat de reelle Steierausfall 2003 ass - den Abroch bei de Kierperschaftssteiere baséiert op d'Joer 2003 -, berengegt vun deene Retarden, déi mer andreiwen.

Dat wat hei geschitt, dat ass wierklech e Camouflage an et ass eigentlech just d'Verschiebe vum Problem op déi Joren dono. Ech deelen dofir eigentlech och total d'Aschätzung vun der Zentralbank déi mengt, datt de Budget 2003 deen éischte Budget zënter Jore wäert sinn, wou mer mat engem Defizit tëschent 1% an 2% wäerten ofschléissen. Et ass och kloer, datt mam Budget 2003, a mat deem wat mer an deene leschte Joren erlieft hunn, de Mythos vun der roueger CSV-Hand an der Finanzpolitik definitiv zerstéiert ass.

De Mask ass erof, Dir Häre - Damme si jo keng méi hei.

***(Brouhaha général)***

Vun der CSV, wuel verstanen.

De Mask ass erof. Et ass ganz däitlech, datt déi lescht Jore bewisen hunn, datt et einfach ass Finanzpolitik ze bedreiwen a rouege Gewässer, wann et souwisou gutt geet, mä datt et vill méi komplizéiert ass an datt d'Feeler ganz schnell kommen, wa sech eng Situatioun presentéiert wéi déi, déi mer haut hunn. Dat, wat dës Regierung an hire Finanzminister an deene leschte Jore gemaach hunn, beleet dat ganz däitlech.

Duerfir mengen ech och, datt een eigentlech, eleng schonn aus deem Grond, eng Flicht huet fir dëse Budget ofzelehnen, well een einfach eng Flicht huet, no bausse kenntlich ze maachen, datt dëse Budget null Transparenz huet an eigentlech just duerfir do ass, fir de Leit Sand an d'Aen ze streeën.

Ech muss och soen, wann ech dann déi grondphilosophesch Iwwerleeunge gelies hunn, déi de Rapporteur um Schluss vu sengem Budget gemaach huet, déi zwar ganz louabel an och ganz gutt geschriwwe sinn, dann hunn ech och e bësse Schwieregkeeten, déi awer eescht ze huelen. E beschreift zwar zu Recht Défien, déi zum Beispill am Ëmweltberäich besti par rapport zu eiser Ekonomie. D'Répercussiounen, déi een zum Beispill huet, wann een net erkennt, datt Ëmweltpolitik Standuertpolitik ass. Dat ass am duebele Sënn, well wann een haut bei deenen Ëmweltproblemer, déi mer hunn, déi deelweis souguer eng global Dimensioun hunn, wann een et do verpasst an d'Ëmweltpolitik ze investéieren, dann huet een eigentlech der Wirtschaftspolitik an dem Standuert kaum en Déngscht geleescht, well da wäerte mer een immense Retard kréien an deene Beräicher, an a fënnef, zéng oder 15 Joer, wa mer gezwonge wäerte ginn duerch d'Realitéit da vill méi rapid déi Investissementer nozehuelen, da wäert et ganz schwiereg ginn dat ze maachen an da wäerte mer ganz staark Kompetitivitéitsproblemer fir eis Ekonomie kréien.

Mä et ass awer och wéinst engem anere Beräich wichteg, datt een dee Secteur net vernoléissegt, well et ass haut schonn esou, datt an dem Beräich vun den Ëmwelttechnologië méi Leit beschäftegt si wéi an der Automobilindustrie an Europa. Dat wëssen déi meescht Leit net, mä dat ass awer eng Realitéit. Ech soen Iech mat 100%eger Sécherheet, datt dat an deenen nächste Joren nach wäert weidergoen. Et ass entre-temps kaum nach contestéiert, datt deen dote Beräich ee vun deenen ass, deem dee meeschte Wuesstumspotential virausgesot gëtt fir déi nächst Joren.

Mä et geet mir awer net duer, wann een elo fir d'x-te Kéier 2002 beim Budgetsrapport fir de Budget 2003 alt erëm eng Kéier eng schéi literaresch Beschreiwung vun deem Szenario mécht an drop hiweist, wat fir eng Défie sech do hannendru verstoppen.

Ech wëll dem Här Calmes soen, datt ech an deene leschte siwen, aacht Joer mindestens schonn eng Dose Motiounen hei déposéiert hunn an eng Dose Rieden hei gehalen hunn, wou ech op déi dote Saachen higewisen hunn, Saache verlaangt hunn. Een Deel vun de Motioune si souguer ugeholl ginn, mä se sinn all Lettre morte bliwwen. Et ass an der Praxis näischt passéiert an deem Beräich. Bei allem gudde Wëllen, deen den Här Calmes sécherlech un den Dag geluecht huet, wéi en dat dote beschriwwen huet, ginn ech dovun aus, datt och säi gutt gemengten Text hei genau esou Lettre morte wäert bleiwe wéi all déi Texter, déi mer an där doten Hisiicht schonn an deene leschte Joren ofgestëmmt hunn an dësem Parlament.

Ech muss soen, datt och dat Kapitel, wou hien zu Recht drop hiweist, datt d'Zukunft vu Lëtzebuerg an deenen nächste Joren, wat d'Betriber ubelaangt, sécherlech net a ganz grousse Betriber läit, mä éischter a klengen an a mëttlere Betriber, déi héich technologesch sinn, wou haaptsächlech qualifizéiert Aarbechtsplaze solle geschafe ginn, da muss ech soen: Och dat ass iwwerhaapt näischt Neies, mä ass schonn x-mol gesot ginn.

Et gëtt Pabeieren; den Här Krecké huet de Mëtteg nach een hei genannt, an hien huet zu Recht drop higewise wéi vill Punkte realiséiert gi sinn. Mir hunn en exzellente Rapport dëst Joer kritt zum Budget vun der Chambre des Métiers, wou ganz interessant Pisten opgewise gi wéi ee kéint hei zu Lëtzebuerg eng Dynamiséierung kréien, haaptsächlech vun de klengen a mëttlere Betriber. Alles dat ass schéin um Pabeier geschriwwe vum Här Calmes, mä ech fäerten awer, dass et och do wäert esou sinn, dass an deenen nächste Joren d'Praxis eng aner wäert sinn, ausser natierlech datt dee Konjunkturabroch, dee mir de Moment kennen, verschidde Leit wäert erwächen, wat jo dann zumindest dee positiven Effekt hat.

Sécherlech brauche mir Industrieaarbechtsplazen zu Lëtzebuerg, mä déi op Lëtzebuerg ze kréien, dat ass méi einfach gesot wéi gemaach. Onofhängeg emol vum Fait, dass ee muss oppasen, dass nach laang net all Industriesecteur zu Lëtzebuerg iwwerhaapt e Sënn mécht, well mir eis à la rigueur, jee nodeem, wat mir géingen hei usiedelen, méi Problemer schafe wéi mir der léise kënnen. Ech ginn e Beispill: Wat huet et fir e Wäert, dass mir Industrien hei op Lëtzebuerg huelen, wou mir am Ëmkrees vun 300 Kilometer iwwerhaapt keng onqualifizéiert Aarbechtskräfte méi fannen, a wou mer da mussen eng nei Immigratiounswell aleede mat der Konsequenz, déi dat dann huet fir de Logement, fir d'Educatioun, wat jo erëm eng Kéier mat immensen Infrastrukturkäschte verbonnen ass. Esou dass, wa mir géingen e Stréch drënner maachen, dat net nëmmen en Nullsummespill géif ginn, mä éischter eng Minusaffär kéint gi fir Lëtzebuerg.

Dat mécht mat Sécherheet kee Sënn, fir egal wat hei op Lëtzebuerg unzezéien, an dat léist sécherlech net eis Problemer, mä doriwwer eraus ass et jo och net esou einfach. Mir wëssen dach alleguerten, dass fir Industrieaarbechtsplazen nach an en héicht industrialiséiert nordescht Land ze kréien, bei där Konkurrenz vun Niddreglounlänner, déi mir ronderëm eis hunn, inklusiv bei enger Rei neier Memberstaten, déi mir elo wäerte bäikréien an d'Europäesch Unioun, dat awer méi séier gesot ass wéi an der Praxis ëmgesat ass, ausser mir si bereet am soziale Beräich Sozialdumping ze toleréieren, deen dann eis op den Niveau setzt, dee verschidde Länner hunn. Dat si Saachen, déi méi liicht gesot sinn.

Da muss ech soen, et mécht ee wierklech rosen, wann ech dann hei héieren, dass dat awer muss gemaach ginn. Och den Här Weiler huet de Mëtteg hei erëm esou gemaach wéi wa si déi eenzeg wären, déi nach ëmmer géifen dorobber hiweisen, an och déi leschte Joren dorop higewisen hätten. An da gëtt verwisen op eis ze lues Prozeduren.

Éischtens wëll ech dem Här Weiler soen: Seng Partei ass elo onënnerbrach zënter 1979 an der Regierung. A wann d'Prozeduren esou desastréis sinn an esou schrecklech si wéi hie se hei beschriwwen huet, da muss ech him soen, dann droen hien a seng Partei eng enorm Responsabilitéit, well eng ganz Rei Ministèren, déi domadder ze dinn hunn, hat seng Partei während Jorzéngten an dësem Land emol inne. Donc muss hie sech do emol mat senger eegener Nues huelen, an hie muss elo net hei esou maache wéi wann hien elo do eppes Neies erfonnt hätt, eppes Immenses entdeckt hätt, an all déi aner hei am Parlament do eigentlech Laie wären a vun näischt eppes géife verstoen.

Ech muss awer och soen, dass d'Demokratesch Partei mech erstaunt, loosse mer soen: hire Silence erstaunt mech an deem dote Beräich, well ech ka mech erënneren, dass mir hei während zéng Joer, wou mir hei zesummen d'Oppositiounsbänk gedréckt hunn, den Här Grethen heiansdo wéi e Wëllen op der Tribün gesinn hunn agéiere géint d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur, wéi oneffikass dass déi wär, a wéi lues déi Prozedure wären. Elo huet d'Demokratesch Partei zënter dräi Joer dëse Ministère, dee fir déi Kommodo-Inkommodo-Prozedur zoustänneg ass, an et ass näischt geschitt. Mir hunn als Gréng ëmmer gesot: Sécherlech sinn déi Prozeduren ze lues, mä dat huet näischt domat ze dinn, dass d'Regelwierk a sech schlecht wär, mä dat huet eppes mam Équipement vum Ministère a mat der Aart a Weis, wéi de Ministère fonctionnéiert an esou weider, ze dinn.

Deemools hu mir ëmmer aner Klacken hei héieren, mä elo stellen ech fest, dass no dräi Joer näischt bougéiert huet an deem doten Dossier. Strictement näischt! Mäi Kolleeg Camille Gira huet virun aacht Méint eng Inter-

pellatioun gemaach wéi et da wär mat der Kommodo-Inkommodo-Reform, déi d'DP ëmmer och an hire Wahlprogrammer versprach huet. Niente! Et läit zwar e Projet de loi hei an der Chamber, dee soll diskutéiert ginn, mä dee kënnt kee Millimeter weider. Et ass du gesot ginn: Mir hänken d'Interpellatioun un de Projet de loi drun. Ech fäerte ganz, dass mir nach laang musse waarden, dass nach eng Wahléchéance muss eriwwer goen, ier den Här Gira d'Chance kritt seng Interpellatioun ze diskutéieren.

An da muss ech soen, dass mir insgesamt mussen en neit Verständnis kréien iwwert d'Steierpolitik insgesamt an doriwwer, firwat dass Steieren iwwerhaapt mussen agezu ginn. Ech mengen, dass an deene leschte Joren e Bild opkomm ass, wéi wann d'Steieren eng Strof wäre fir den eenzele Bierger, wéi wann d'Steieren nëmmen dofir do wären, fir d'Leit an d'Betriber ze schikanéieren. Dobäi muss ee wëssen, dass Steieren agezu ginn, fir öffentlech Infrastrukturen ze finanzéiere vun deenen all d'Bierger an all d'Betriber profitéieren, vill méi profitéiere wéi dat, wat si u Steieren abezuelen. Et gëtt eng ganz Rei Secteuren, do ginn déi Steieren, déi bezuelt ginn, sécherlech net duer fir déi Infrastruktur, déi de Stat hinnen zur Verfügung stellt.

De private Camionstransport op der Strooss ass esou e Beispill. Wa mir emol do géife vergläichen, wat do vu Steiere bezuelt ginn, a wat dat d'Allgemengheet kascht, da kéime mir op e ganz komescht Resultat fir dee Secteur. D'Steiere ginn agezunn, fir eng sozial Politik ze maachen, déi deen Numm verdéngt, fir dofir ze suergen, dass mir an der Gesellschaft eng gerecht Verdeelung vum Räichtum kréien, an dass d'Schéier vum Räichtum net ëmmer méi auserneen drift, an dass eigentlech eng Verdehnungsgerechtegkeet tëschent Räichen an Aarmen an eiser Gesellschaft oprechterhale gëtt.

Natierlech ass d'Steierpolitik och dofir do, fir Rahmebedéngungen ze schafe fir d'Ekonomie insgesamt, mä ech muss awer soen: De Moment diskutéiere mir zu Lëtzebuerg, an Europa an iwwerhaapt weltwäit, kann ee soen, nëmmen nach ënnert deem leschte Gesichtspunkt d'Steierpolitik. Déi Tendenz, déi mir de Moment kennen, fir an d'Richtung ze goen, de Stat ze reduzéieren op en absolute Minimum, just nach Law-and-Order-Funktioun am Stat ze gesinn, baséiert eben dorobber, dass déijéineg, déi souwisou an der Gesellschaft scho ganz vill hunn, ganz vill wëlle behalen a wa méiglech nach méi kréie wëllen, an dass en Deel vun der Gesellschaft ëmmer méi ënnen duerchfält.

An ech wëll Iech, wann Dir interesséiert sidd, well mir eis jo do zu Lëtzebuerg net an enger Isolatioun befannen, mir si jo natierlech do an engem europäeschen an internationale Kontext, dee mir musse bëuechten, op eng ganz Rei Bicher a Wierker hiweisen, déi an deene leschte Jore geschriwwe gi sinn. Eent dovunner ass dat vum Thomas Piketty a Frankräich, deen en exzellent Wierk geschriwwen huet iwwert d'Evolutioun vun de Revenuen a Frankräich am 20. Jorhonnert. Liest nëmmen dat no, wat a Frankräich geschitt ass an den 90er Joren, a virun allem Enn den 90er Joren an am Ufank vum 21. Jorhonnert. Da gesitt Dir, a wat fir eng Richtung dass mir de Moment ofdriften am 21. Jorhonnert, nämlech an eng Richtung, datt d'Schéier tëschent Aarm a Räich ëmmer méi ausernee geet. Et huet een heiansdo d'Impressioun wéi wann all d'Lektiounen aus den 20er an den 30er Joren, déi weltwäit zu engem Debakel gefouert hunn, vergiess gi sinn.

Och esou bekannt Ekonomiste wéi den amerikaneschen Ekonomist Paul Krugmann, deen dem Bill Clinton säi Beroder an der éischter Amtsperiod war, gëtt net midd a leschter Zäit, fir Wierker an Essaien ze schreiwen, wou hien drop hiweist, dass déi Steierpolitik, déi de Moment haaptsächlech vun den USA aus weltwäit gefördert gëtt, eis an eng Situatioun bréngt, déi desastréis Verhältnisser mat sech bréngt.

Wann dem Här Bush seng Steierreform dann elo wäert duerchgoen - an dat wäert jo de Fall sinn, well hie jo elo Majoritéiten op allen Niveauen am amerikanesche Stat huet -, da wäert dat dozou féieren, dass d'Akommesverhältnisser an den USA, déi mir an den 20er Joren haten, an alles dat, wat ënnert dem sougenannten "new deal" an den USA erreecht ginn ass, nämlech eng Gesellschaft, wou déi Schéier zesummegedréckt ginn ass, wou dank engem breede Mëttelstand an de 60er an de 70er Jore bis an d'80er Joren eran en immense Konsens fäerdeg bruecht ginn ass, wäert zesummefalen.

Fiskalpolitik am Intérêt vu 6.000 Superräichen nennt de Paul Krugmann dat. Alles dat fierft sech ëmmer méi of op d'Europäesch Unioun, huet sech och ofgefierft op d'Debatte vun der Steierreform hei zu Lëtzebuerg, well mir befannen eis do net an engem Kontext hors vum Rescht vun der Welt 2000. Genau dat musse mir iwwerdenken, och an Europa an deem neien europäeschen, gläich vergréisserten, Bannemaart vu 25 Länner, muss d'Budgets- a Finanzpolitik e Géigemodell ginn zu deem, wat do amgaangen ass sech ze bilden an den USA, virun allem ausgehend vun den USA, wat en antisoziale Modell gëtt, dee mat Sécherheet net iwwerliewensfäeg ass iwwert déi nächst 20 Joer eraus, an deen eis ëmmer méi wäert a grouss Spannunge bréngen europa- a weltwäit.

Mir mussen dee groussen EU-Bannemaart mat deene 25 Länner dofir notzen, fir e Modell ze ginn, wou sozial Gerechtegkeet an en ekologescht Gläichgewiicht existéieren. Och dat ass e wichtege Bestanddeel, wann een iwwer Finanz- a Budgetspolitik zu Lëtzebuerg diskutéiert. Et géif wierklech dëser Regierung an dëser Majoritéit gutt dinn, wa si an déi dote Richtung emol eng Rei Saachen géing noliese goen, fir dann en anert Verständnis ze kréie vun deem, wat Budgets- a Finanzpolitik ass.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Mir hunn ee Sozialbudget vu 44% vun de Gesamtausgabe vum Stat.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här Minister Frieden, ech wëll Iech just soen: Dat ass richteg, mä wann déi Konjunkturlag, déi mir haut hunn, nëmmen nach een, zwee Joer unhält, dann diskutéiere mer emol nach eng Kéier iwwert deen dote Prozentsaz, an da geséich ech gär, wéi Der et wëllt maachen, fir dee Prozentsaz nach oprecht ze halen, vu datt mer wëssen, datt d'Recettë jo esouvill erofginn, well de Steierniveau esou déif ass.

Mir wëssen, datt mer iwwer eist Kontabilitéitsgesetz keng Méiglechkeet hunn - a Gott sei Dank, muss ee soen -, fir d'Konsumausgaben iwwer Emprunten ze finanzéieren. Dat heescht, mir kënnen Emprunten nëmmen ophuele fir Investissementer ze maachen. Mir wëssen awer och, an dat hunn ech virdru gesot, datt esouguer dee Spillraum fir Lëtzebuerg als klengt Land extrem limitéiert ass an immens geféierlech ass, an datt een deen net ze wäit dierf dreiwen. Ech hoffen, datt dat net de Fall ass. Ech hoffen am Intérêt vu Lëtzebuerg, datt et net wäert esou sinn, datt d'Konjunktur wäert unzéien, mä wann et de Fall wäert sinn, da wäerte mer déi 44% do 2004 an 2005 an engem ganz anere Liicht diskutéieren, an da wäert och d'Fiskalpolitik erëm eng Kéier, hoffen ech zumindest, an engem anere Liicht diskutéiert ginn.

Ech kommen zum Ofschloss, Här President. Et ass fir eis kloer: Mir kënnen aus all deenen dote Grënn dëse Budget sécherlech net stëmmen. Mäi Kolleeg Camille Gira wäert muer nach op d'Gemengefinanzen agoen.

Ech soen Iech merci, datt Der esou laang Gedold hat mir den Owend nozelauschteren.

M. le Président.- Den Här Minister Frieden freet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, ganz kuerz, ech wollt Iech an d'Chamber just bieden de Statsminister a mech fir muer ze entschëllegen, well mer an den Ecofin-Conseil op Bréissel iwwert de Steierdossier diskutéiere ginn. D'Regierung wäert selbstverständlech muer vertruede gi bei dëse Budgetsdebatten. Gesitt dat also net als e Mangel u Respekt vis-à-vis um Parlament un, mä et ass schwiereg sech an zwee ze deelen, a wéinst dem Enjeu, deen awer do fir Lëtzebuerg ass, wëlle mer als Regierung och adequat zu Bréissel vertruede sinn. D'Regierung hëlt also den nächsten Dënschdeg, nom Rapport complémentaire, nach eng Kéier zu dem Budget Stellung, mä net muer.

Merci.

M. le Président.- Ech mengen, d'Chamber huet vollt Versteesdemech fir d'Wichtegkeet vun där Missioun, déi Der muer hutt.

Domat, Dir Dammen an Dir Häre, wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Fortsetzung vun de Budgetsdebatten ass an der nächster Sitzung, déi muer de Moien um néng Auer stattfënnt.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 20.09 heures)

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live
**Chamber TV**
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
**www.chd.lu**
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

## Ordre du jour

1. Communication
2. 5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003
   *(Discussion générale - suite)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mme Anne Brasseur, MM. Charles Goerens et François Biltgen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 9.05 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

Ech hunn awer der Chamber eng Matdeelung ze maachen:

### 1. Communication

Monsieur Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 10 décembre 2002, le

*- Projet de loi 5068 modifiant la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la direction de la santé.*

Haut fuere mer weider mat eisen Debatten iwwert de Budget fir d'Joer 2003. Déi nei Riednerlëscht gëtt verdeelt. Als éischte Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. D'Wuert huet den Här Urbany.

### 2. 5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003 (suite)

***Discussion générale (suite)***

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Lénk gehéieren net zu deenen, déi der Regierung eng mangelnd Viraussiicht beim Opstelle vum Budget oder e Verheemleche vu Wirtschaftsdate géife virwerfen, wéi dat de Moment d'CDU-CSU an Däitschland vis-à-vis vun der Regierung mécht.

Esou Kritike gräifen eiser Meenung no ze kuerz, besonnesch wa se vu fréiere Regierungsparteie kommen, déi iwwer keng aner Instrumenter verfügt hunn, wéi déi aktuell Regierungen. D'Verantwortung läit, eiser Meenung no, op engem ganz aneren Niveau an ass vill méi breet ugesidelt.

D'Boursecoursë si bekannt. Et kann ee se iwwer Internet an hirem Historique verfolgen. A wann ee weess, wéi wäit steierméisseg de Statsbudget vun den Einnahmen vum Finanzsecteur ofhänkt, a wann ee weess, dass dëst Joer nach eng einschneidend Reform vun de Betribsgewënnsteieren erfollegt ass, déi aus Lëtzebuerg e Bëllegsteierland an Europa mécht, dann hätt ee misse virausgesinn, dass et dëst Joer géif Problemer mam Statsbudget ginn.

De Problem läit awer net an der Onkenntnis iwwer Boursecoursën. De Problem besteet doranner, dass all Wirtschaftsprognostiker trotz falende Boursecoursën a grad wéinst deene Steiersenkungen a wéinst anere Liberaliséierungsmoossnamen am Interessi vun de Kapitalbesëtzer an Europa, vun engem Unzéie vum Wirtschaftswuesstum ausgaange sinn. D'OECD, d'Organisation de coopération et de développement économique, déi de Motor vun den neoliberale Reformen an den entwéckelte Länner ass, huet 2001 an hirer Etude économique du Luxembourg, am Hibléck op déi projezéiert Steiererliichterunge vun deem Joer, geschriwwen: „Ces allégements fiscaux devraient avoir des effets bénéfiques sur le taux d'activité et sur l'attrait du Luxembourg en tant que pays d'accueil des investissements. Les réductions d'impôt n'altéreront en rien la solidité des finances publiques du Luxembourg".

Dat huet d'OECD deemools Lëtzebuerg bescheinegt. Vun deenen lwwerleeungen do sinn 2001, ausser zwou Parteien, déi awer nëmmen zesummen 10% vun den Deputéierte stellen, all Parteien heibannen ausgaangen. Well si deem neoliberale Credo vun der Angebotsekonomie méi oder wéineger staark gleewen, oder dee Moment gegleeft hunn, laut deem massiv an ondifferenzéiert Steiersenkungen d'Wirtschaft géifen automatesch beschleunegen, well de Maart sech autoreguléiere géif iwwert dee Wee.

Dat ass jo eng al liberal Obsessioun, déi den John Maynard Keynes scho widderluecht huet zu enger Zäit, wou staatlech reguléiert Wirtschaften an Amerika, an och hei a Westeuropa, fir eng ganz aner Prosperitéit gesuergt hunn, wéi dat de Moment de Fall ass.

Ech wëll zitéieren, wat den Aloyse Bisdorff hei zu deene Steiersenkunge gesot huet: „Déi Steiergeschenker, déi elo d'Betriber kréien, gi geméinlech net erëm an d'Wirtschaft zréck. Déi grouss Betriber an déi grouss Banke benotzen dat, fir de Konzentratiounsprozess weiderzeféieren, fir Aarbechtsplazen ofzebauen, fir Investéierungen anzeschränken."

Genau dat ass geschitt, Dir Dammen an Dir Hären. De Premier huet sécher de Mérite gehat a senger Ried virun enger Woch, am Géigesaz iwwregens zu deene meeschte Majoritéitsvertrieder heibannen, ze warne virun enger Verharmlosung vun de weltwäite wirtschaftleche Krisenerscheinungen. En huet dat allerdéngs zu engem Zäitpunkt gemaach, wou déi schonn offensichtlech waren a wou d'Kand schonn am Pëtz louch. En huet geschwat vun 8.000 Milliarden Euro u Wäerter, déi géifen op de Boursen dëst Joer zerstéiert ginn. An dës Kris, huet e gesot, géif un Intensitéit déi Kris vu virdrun an de Schiet stellen.

De Statsminister huet d'Wirtschaftsprognostiker zimlech sarkastesch - wahrscheinlech als enttäuschte Gleewegen - als déi eenzeg reliéis Leit op dëser Welt bezeechent, an dach huet en zum Schluss vu senger Budgetsried e bëssen hëlleflos higewisen op déi positiv Viraussoe vun deene selwechte Wirtschaftsprognostiker fir dat zweet Semester 2003.

En huet geschwat vun deem berühmte Sickerbrand, dee jo wahrscheinlech wäert an d'Geschicht agoen, wat jo awer eng besonnesch déifgrënneg, heimtückesch a geféierlech Form vu Brand ass. Et ass schonn e puer mol hei drop higewise ginn. Awer e gëtt sech anscheinend domat zefridden, dass dee Sickerbrand mar, iergendwann am Joer 2003 also, vum selwen ausgeet. Firwat? Net well en de Beweis duerfir huet, mä well all Prognostiker och dovun ausginn. E schléisst sech deenen un an deem en iwwregens och nach seet, si hätte grad esou vill Ahnung vu Wirtschaftsprognostik, wéi hie selwer.

Firwat soll awer, ouni dass e massiivt Ëmlenke géif geschéien an der Politik, an Europa an zu Lëtzebuerg, sech eppes änneren un deenen Auswierkungen, déi mer haut erliewen? Den Enron-Skandal an aner Skandaler an den USA hunn de Mythos vun der selbstreguléierender Wierkung vun de fräie Finanzmäert am Intérêt vun enger effikasser an équilibréierter Ekonomie zimlech nohalteg a fir d'ganz Welt sichtbar zerstéiert.

Et huet awer net u warnende Stëmme gefeelt, fir op déi Geforen hinzeweisen, déi duerch déi liberaliséiert a globaliséiert Finanzmäert géifen entstoen. De Joseph Stiglitz zum Beispill, démissionnairë President vun der Weltbank an Nobelpräisträger vun der Ekonomie, huet gemengt: „Aujourd'hui la mondialisation, ça ne marche pas pour les pauvres du monde. Ça ne marche pas pour l'environnement. Ça ne marche pas pour la stabilité de l'économie mondiale."

Den Ibrahim Warde, Chercheur op der Harvard Universitéit, stellt am Monde diplomatique viru kuerzem fest: „Des secteurs entiers (Internet, télécommunications) et des professions (analystes, réviseurs, consultants, presse financière, gourous du management) voient leurs figures de proue impliquées dans cette entreprise de mystification." Gemengt ass déi neoliberal Relioun vun där den Här Minister Juncker geschwat huet.

„Comment en est-on arrivé là?", mengt deen amerikaneschen Expär: „Tout au long de la dernière décennie, la libéralisation économique s'est accélérée, les gardefous sont tombés et les autorités de tutelle ont vu leur financement et leurs pouvoirs se réduire au profit d'une réglementation par le marché, fondée sur les contrôles internes et les „codes de bonne conduite". (…) Avec l'aide d'analystes promus au rang de propagandistes, les banques ont financé des opérations de fusions et d'acquisitions vouées à l'échec, mais génératrices de grands revenus."

Am Memorandum vum Oktober 2002 vun 250 europäeschen Ekonomistinnen an Ekonomiste fir eng alternativ Wirtschaftspolitik an Europa heescht et: „Es ist jetzt klar geworden, dass große Teile der New Economy einer soliden Grundlage entbehrten, und dass die Dynamik der Finanzspekulation in diesem Bereich zu einem Aufbau großer Überkapazitäten geführt hat, angetrieben durch die geradezu besessene Nachahmung des amerikanischen Modells des Shareholder-Kapitalismus." - Do si mer bei eisen Investitiouns- a Pensiounsfongen op der Finanzplaz! - „Die aktuelle wirtschaftliche Anfälligkeit" - geet et da weider an deem Avis - „ist umso mehr besorgniserregend, da die EU nicht darauf setzen kann, dass externe Antriebskräfte den Mangel an Binnennachfrage kompensieren. Die Lage in den USA ist sehr unstabil und nähert sich einer Rezession, und in Japan hält die schon lange währende Stagnation weiter an. Erstmals in mehr als zwanzig Jahren existiert die reale Gefahr einer deflationären Abwärtsspirale in der Weltwirtschaft."

De Statec, a senger Note de conjoncture 3/2002, seet iwwregens net vill aneschters andeem e schreift: „Les marchés boursiers ont fait preuve d'une faiblesse extrême et ont touché voire enfoncé les planchers atteints après les attaques terroristes en décembre 2001. Au Luxembourg, à la très forte baisse de l'activité dans le secteur financier indigène, qui s'est manifestée dès 2001, est venue se superposer un second choc du fait de l'atonie du commerce international."

A wann den Georges W. Bush a seng ultraliberal Beroder hir fundamentalistesch angebotsorientéiert Wirtschaftspolitik nach weider verschäerfen an duerch e militärescht Abenteuer am Irak, och mat engem ekonomesche Hannergrond iwwregens, weider ukuerbele wëllen, da riskéiere mer weltwäit an eng déif ekonomesch Rezessioun a politesch Regressioun eranzegeroden, déi all Pläng an all Dreem fir d'Zukunft vu Lëtzebuerg fir laang Zäit zur Makulatur maachen, ausser fir déi, déi vun esou enger Entwécklung profitéiere géifen.

Här President, d'Banken- a Finanzplaz Lëtzebuerg hänkt héichgradeg vun der internationaler Finanzentwécklung of, a mat hir d'Statsfinanzen. Dem internationale Währungsfong no, ass si weltwäit deen zweetgréissten Investmentfongzenter no de Vereenegte Staten, dee gréisste wat den internationalen Handel mat esou Fonge betrëfft.

D'Bankeplaz Lëtzebuerg ass net eng Nisch, si ass am Häerz vum sou genannte Finanz- oder Shareholder-Kapitalismus. Si ass ee vu senge „postes avancés". Si ass en Acteur, keng Victime, a mat hir d'Regierung och.

Esou wéi Lëtzebuerg während dem Boom vun de Boursen 2000 nach iwwerduerchschnëttlech PIB-Steigerungssätz vun 8% hat, esou fält elo säi Wirtschaftswuesstum grad esou iwwerduerchschnëttlech erof, wéinst därselwechter Préeminenz vu sengem Finanzsecteur an der Ekonomie.

Lëtzebuerg konnt bis elo vun zwee Facteure profitéieren, Dir Dammen an Dir Hären. Et huet éischtens op Käschte vu sengen Nopeschlänner - allerdéngs mat Hëllef vun de Banken aus deene Länner - onversteiert Gelder ofgezunn, déi op der Finanz- a Bankeplaz placéiert gi sinn an do de PIB an d'Luucht gesat hunn, net duerch en eegene Verdéngscht mä duerch dat staatlech gestäipte Bankgeheimnis. Et huet gemauert an temporiséiert beim berechtigte Versuch innerhalb vun der EU an der OECD dës Concurrence déloyale duerch eng Meldeflicht an eng substanziell Quellesteier ofzeschafen.

Zweetens huet Lëtzebuerg och profitéiert vun där Aarbechtskraaft a vun där Kompetenz aus der Groussregioun, déi zwee Drëttel vun de Beschäftegte vun der Bankeplaz ausmaachen, an dat ouni Steiere mussen an déi Infrastrukturen ze stiechen, do wou déi Leit hierkommen, esou wéi dat awer aner grouss expandéierend Wirtschaftszenteren, wéi zum Beispill zu Mailand, zu München oder zu Paräis et musse maache vis-à-vis vun hirem wirtschaftlechen Ëmfeld, well do keng staatlech Grenze leien, hannert déi si sech verstoppe kënnen.

Dat si Wirtschaftsvirdeeler, déi op der Souveränitéit selbstverständlech vun eisem Land berouen an déi ausgenotzt ginn. Ob se ausgenotzt ginn ëmmer am Interesse vun eisem Land oder ob se net virrangeg ausgenotzt ginn am Interesse vun den Acteure vun der Finanzplaz, dat ass eng ganz aner Fro.

De Fonds Monétaire International presentéiert déi schaffend Leit aus der Groussregioun - an et muss ee sech emol deen Zynismus virstellen, deen do hannendru stécht -, eis direkt Noperen also, eis Aarbechtskolleeginnen an Aarbechtskolleegen am Alldag, an engem Avis vun 2000 als mënschlech „offre élastique de main-d'oeuvre", déi folgend Funktioun hätt: „En conséquence, le rythme de croissance au Luxembourg peut changer sur des périodes prolongées sans entraîner de pressions sur les prix et les salaires, la mobilité du travail étant le mécanisme primaire d'ajustement en cas de choc."

Also d'Frontaliere sinn d'Reservearméi vun der Bankeplaz - fir dass dat kloer ass -, déi mat Sécherheet net ënnert de Chômage an net zu Laaschte vum Stat falen, wann emol eng Kéier op der Bankeplaz massiv ofgebaut gëtt.

An ech froe mech, ob et net déiselwecht Arroganz ass, déi hannert dem Bericht iwwert d'Immigratiounsproblematik vun der Chamberkommissioun stécht, déi jo an hirem Zwëschebericht, deen nëmmen esou vu gehässege Bemierkungen iwwert d'Frontaliere strotzt, folgend Sätz schreift: „D'une manière générale, la présence massive sur le lieu de travail de personnes ayant comme unique point d'attache avec le Luxembourg leur lieu de travail, n'est pas souhaitable. La commission estime qu'une réflexion approfondie sur la situation des frontaliers s'impose, notamment sur les relations avec le Luxembourg et les questions relatives à l'exportation de nombreuses prestations sociales luxembourgeoises". Heescht et dann elo: „Der Mohr hat seine Schuldigkeit getan, der Mohr kann gehen"? Ech wëll emol einfach déi Fro hei opstellen a mir wäerte jo nach Geleeënheet kréien, och dee Bericht hei am Plenum ze diskutéieren.

Virun esou enger méiglecher sozialer Brisanz an Zukunft an der Groussregioun, wann dee Szenario do, deen déi Kommissioun hei entwerft, antrëtt, verstinn ech allerdéngs dann de Statsminister, dass en hei während senger Interventioun zum Budget virun enger Woch - während sengen anscheinend philospheschen Iwwerleeungen, wéi an enger Zeitung geschriwwe ginn ass -, léiwer vum Fussball op der Televisioun geschwat huet.

Et ass elo Zäit, menge mir, fir e grondleeënd Ëmdenken a wirtschaftleche Froen. An et fält op, dass bis elo heibannen, ausser gëschter dem Här Bausch, en iwwerparteileche Konsensus ze bestoe schéngt, fir net vun deene Froen ze schwätzen. An et fält och op, dass heibanne keng Majoritéit ze fannen ass - parteien- a majoritéitsiwwergräifend, mä d'Fro ass, wéi laang dat iwwerhaapt nach méiglech ass -, fir d'Fro vun der Zukunft vu Lëtzebuerg an der Groussregioun offensiv an öffentlech opzegräifen, och a senger historescher Dimensioun.

D'Wuerzele vum heitege Lëtzebuerg reechen nämlech wäit zréck, dat wësse mer alleguer. Et geet déi leescht Zäit vill vun Nischepolitik Rieds. Domadder soll anscheinend d'Vermaartung vun der nationaler Souveränitéit gemengt sinn. Ech weess net, ob deen Ausdrock vun der Nischepolitik richteg ass. Alles wat e klengt Land mécht, ass ëmmer en Ausdrock vu senger Souveränitéit, a wann e grousst Land dat mécht, gëtt dat als selbstverständlech ugeholl. An dass grad eng kleng Ekonomie gewëssen Avantagen notzt, dat ass jo eigentlech och normal. Am leschte Jorhonnert war deen Avantage d'Stolindustrie, déi op der Exploitatioun vum der Minett berout huet, awer och op der Erfahrung vu Generatioune vun Ingenieuren an Aarbechter, déi eng ganz industriell Kultur hei an e fréiert Agrarland era bruecht hunn. Aus ganz Europa sinn deemools d'Stol- an d'Grouwenaarbechter komm. An d'Konzessioune fir d'Ausbeutung vun der Minett, goufen och deemools am Numm vun der nationaler Souveränitéit vermaart; haut vermaart d'ARBED se vis-à-vis vum Stat. Dat ass dee Paradigmewiessel, deen an deene leschte Jorzéngte geschitt ass.

Mä dat, wat aus där Situatioun virun 100 Joer entstanen ass, huet eis national Souveränitéit ekonomesch an och sozial geprägt, an huet se ausgemaach. Lëtzebuerg wier e Kand vun der Stolindustrie, wéi Ägypten e Kand vum Nil wier,

gouf deemools gesot. Bis den ARBEDspresident eng Kéier gemengt huet, d'Funktioun vu sengem Grupp wier net, Stol ze maachen, mä Geld ze maachen. An an den 80er Joren ass also dorobberhin décidéiert ginn, den neien Erausfuerderungen am Stolsecteur net mat engem öffentlechen, innovativen nationale Projet, mat internationalen Dimensiounen, ze begéinen, wéi dat deemools gefuerdert ginn ass, iwwregens och vun eenzelne Sozialisten, Dir Hären. Ech ka mech esouguer nach un den OGB-L-Kongress erënneren, wou déi Virschléi vun der Nationaliséierung vun der Stolindustrie, déi iwwregens ganz komplex a ganz differenzéiert a ganz gutt dokumentéiert waren, mat enger ganz knapper Majoritéit ofgelehnt gi sinn.

Deemools gouf sech also dofir décidéiert, sech un d'Konzernstrategie vun der ARBED ze bannen, wat Lëtzebuerg um industrielle Plang vun enger Mëttelmuecht zu engem wierklech klenge Land gemaach huet, bei entspriechender sozialer Offiederung selbstverständlech, a mat Trouschtpëllen ewéi de Sëtz vun der Gesellschaft zu Lëtzebuerg.

Dat war och déi Zäit, wou d'Bankeplaz Lëtzebuerg den Ulaf zu där heiteger Orientéierung geholl huet, andeem se sech ëmorientéiert huet. Ass dann elo déi Finanz- a Bankeplaz, wéi mer se hunn, wirtschaftlech eng Nisch? Kann ee vun esou engem Ausdrock schwätzen, wann ee weess, dass et eng ekonomesch Aktivitéit ass, un där nach ronn 28.000 Leit bedeelegt sinn - souvill wéi deemools an der Stolindustrie, an iwwregens och grad esou multinational zesummegesat -, déi jo vun de Banke vun eisen dräi Nopeschlänner fir eng breet Palette vu finanzielle Servicer benotzt gëtt, a mat Sécherheet och dann nach wann d'Quellesteier mol agefouert ginn ass an d'Bankgeheimnis - hoffentlech geschwë - fält?

Haut si mer virun ähnlech wichteg Décisioune gestallt wéi deemools an der Stolindustrie, och wann ech der Meenung sinn, dass d'Bankeplaz net zesummebrieche wäert, wat unzehuelen ass, an esouguer da wann d'Mäert sech géife provisoresch erhuelen. Esou virgoen, wéi mer bis elo virgaange sinn, kënne mer dann net méi, well de Finanzsecteur seng Fragilitéit awer definitiv bewisen huet, och wann en haut méi differenzéiert a méi diversifizéiert ass wéi virun zéng oder 20 Joer. Stol hat nach e gewëssent spezifescht Gewiicht, dat konnt een net einfach esou mathuelen. Bei de Valeurs boursières ass dat eendeiteg net méi de Fall; do handelt et sech ëm virtuell Valeuren.

Dofir mengen ech, kéinte mer frou sinn, dass déi Existenzfroe grad elo opgeworf ginn, wou ëmmerhin en Nullwuesstem - an nach keng Rezessioun - bevirsteet. Eng Situatioun, déi jo eigentlech an der Zäit vum « Club of Rome » als ideal duergestallt ginn ass, an am Interesse vun engem Développement durable vun eisem Planéit esouguer agefuerdert ginn ass. Et ass also keen Drama, wat d'Entwécklung vum PIB ugeet.

Ob déi Diskussioun, déi elo noutwendeg gëtt, wäert interessant ginn, wéi gëschter hei gesot ginn ass, dat weess ech net. Ech fäerten éischter, dass se fuerchtbar komplizéiert gëtt, a schrecklech geféierlech ka ginn, elo wou d'finanziell Marge de manoeuvre vum Stat riskéiert méi kleng ze ginn, an zwar dann,

- éischtens, wa se op déi xenophobe a sécuritaire Schinn geréit,

- an zweetens, wann den Neoliberalismus zu sengem leschte Schlag aushëlt, an d'Léin an d'Sécurité sociale, an d'Sozialan d'Ëmweltausgabe massiv attackéiert ginn, an et dann heescht: «Sauve qui peut», an d'-Gewerkschaftler an d'Ëmweltschützer, trotz eigentlech gläichgelagerten Interessen, sech da géigesäiteg d'Käpp iwwer hir Zukunftspersepektiven aschloen, zum gréisste Gaudi vun deene moderne Raubritter, déi eis Gesellschaft an terroristescher Geiselhaft hunn.

***(Interruptions diverses)***

Dat war schéin, ne? Et ass gewëssermoossen e Réckschrëtt an d'Mëttelalter, do hutt Dir ganz Recht.

Fir déi béid Gefore gëtt et haut schonn däitlech Unzeechen. Besonnesch, wa mer gesinn, wéi elo schonn hei an der Diskussioun vum Budget, sech exklusiv op d'Dépensë reduzéiert gëtt, an op d'Reduzéierung vun den Dépensen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi erwähnten 250 Ekonomisten schwätzen zu Recht vun der Noutwendegkeet vun engem neien europäesche Sozialmodell an zeechnen dobäi gewësse Pisten op. Sécherlech, et huet keen - och ënner alternativen Ekonomisten net -, e Patentrezept.

Et gëtt besonnesch fir Lëtzebuerg keng Patentrezepter wéinst där ganzer Spezifik a Komplexitéit, déi grad an där klenger Gréisst vun eisem Land leien an an deem internationale Kontext, an deem mer sinn. Ech mengen awer trotzdeem, dass verschidde Saachen an där Zukunftsdebatt, aus enger alternativer Siicht, musse berücksichtegt ginn.

Éischtens däerf et keng reng national Rezepter méi ginn. Mir sinn an e regionalen, an en europäeschen an an en internationale Kontext agebonnen, an do kënne mer nëmmen zesumme mat alle Betraffenen no Léisunge sichen.

An da sinn esou Berichter wéi dee vun der Immigratiounskommissioun iwwert d'Frontalieren, oder esou Handlungsweise wéi déi an der Flüchtlingsfro, oder esou Taktike wéi déi an der Zënsbesteierungsfro, Gëft fir déi Zesummenaarbecht, déi an Zukunft noutwendeg ass an dem internationale Kontext, an deem mer eis befannen. Oder wëlle mer wierklech definitiv als e Vollek vun egoistesche Rentner a Couponsschneider do stoen, wat géint eis ganz historesch Traditioun ass, déi op der industrieller Tätegkeet an op der Resistenz berout...

***(Interruptions)***

... wann een den Här Trausch liest zum Beispill, dat ass net um 1. Mee gesot ginn, mä dat steet a Bicher, déi offiziell hei an de Schoule gelies ginn. Iwwregens géif deen Image och net den Tatsaache vun haut entspriechen. Et gëtt haut nach ganz vill Leit, mat klengen a mëttlere Revenuen ënnert de Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger. Ech froe mech heiansdo, wou verschidde Leit liewen, wa se mengen, zu Lëtzebuerg géif den duerchschnëttleche PIB pro Kapp, deen an de Statistiken ausgerechent gëtt, dem mëttlere Revenu vun den normale Stéit entspriechen.

Zweetens kann et keng Rezepter ginn an Zukunft, déi d'Ongläichheet tëschent de Leit förderen. Lëtzebuerg ass a leschter Zäit vill méi ongläich ginn, zum Beispill um soziale Plang. D'Arbeiterkammer huet dat an hirem Avis ganz däitlech unhand vu Statistiken nogewisen. Lëtzebuerg ass och vill méi ongläich gi vis-à-vis vun de politeschen Décisiounen, vun deenen de Gros vun deene Leit, déi hei am Land géint Loun schaffen, esou wéi an engem Uelechschäichtum ausgeschloss sinn.

Drëttens däerf et an Zukunft keng autoritär Rezepter ginn. Mir brauchen eng lieweg a participative Demokratie, mat fräiem Zougang zu den Informatiounsquellen an zu de Kommunikatiounsmëttelen. Dat muss d'Grondlag vum Zesummeliewe sinn. Zu deem Zweck muss d'Iddi vum Service public, vu senger Gratuitéit a vu senger Accessibilitéit erëm an de Vierdergrond geroden. Dat heescht awer och, datt mer frontale Widderstand musse maache géint déi europäesch Liberaliséierungspolitik.

Véiertens mussen d'Wirtschaftsfroen erëm verstäerkt Gesellschaftsfroe ginn. Mir gesi jo elo wéi wichteg dat ass, wann hei d'Berichter vun der Budgets- a Finanzkommissioun ufänke mat Tabelle vum NASDAQ a vum DAX an esou weider. An et gëtt och ausserhalb vun der Bankeplaz nach en appréciable wirtschaftlechen Tissu, och en industriellen Tissu, deen iwwregens nach ausbaufäeg ass, menge mir. Deen ass iwwregens vill op öffentlech Investitiounen ugewisen.

Da muss awer gläichzäiteg diskutéiert ginn iwwert d'Transferten un d'Betriber an hir Effikassitéit. Et geet jo net, dass een nëmmen iwwert déi sozial Transferten an hir Effikassitéit diskutéiert. Iwwregens si sozial Transferten dacks Transferten un d'Betriber, esou zum Beispill, wann de Stat grouss Deeler vum Loun iwwerhëlt, wat dann awer am Budget figuréiert als sozial Ausgaben.

Ech mengen och, dass iwwert d'Economie solidaire muss diskutéiert ginn. D'Regierung huet dat jo och wëlles - den zoustännege Minister sëtzt jo hei -, awer net als e prekären Aarbechtssecteur, mä als e festen ekonomesche Bestanddeel mat festen Aarbechtsplazen.

Fënneftens muss d'fräi Entfalung vun den Individuen ouni Diktatur vum Privatprofit, awer och ouni staatlech Gängelung méiglech sinn, zum Beispill andeem d'Aarbecht souwuel um Niveau vum Lounstatut oder vum Aarbechtsstatut, wéi um Niveau vun der sozialer Sécherheet universal unerkannt an aus dem wirtschaftlechen Ertrag finanzéiert muss ginn, dee wirtschaftlechen Ertrag, dee jo vun der Aarbecht selwer geschafe gëtt.

Här President, iwwert déi méi grondsätzlech Iwwerleeungen eraus, déi ech elo gemaach hunn, muss ech lech hei leider matdeelen, dass ech dëse Budget net ka stëmmen - dat wäert lech iwwerraschen -, well e souwuel op der Einnahmesäit, wéi op der Ausgabesäit, an och wéinst de politesche Prioritéiten, wéi se aus dem Budgetsbericht an aus Äusserunge vun der Majoritéit hei erausginn, net de Prioritéite vun der Lénker entsprécht. Ech wäert dofir selbstverständlech géint dëse Budget hei stëmmen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Norbert Haupert agedroen. Den Här Haupert huet d'Wuert.

n M. Norbert Haupert (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Indicateure vun eiser Wirtschaft stinn op Orange fir déi eng, a schonn op Rout fir munch anerer.

De Budget vum Joer 2002 tabléiert op enger Croissance vum PIB vu 5,3%. Dat situéiert sech liicht ënnert dem Niveau vu 5,5%, deen d'Europäesch Unioun fir Lëtzebuerg am Fréijoer 2001 pronostiquéiert huet. Am Hierscht 2001 huet d'EU awer schonn hir Pronostiquë fir Lëtzebuerg no ënnen, an zwar op 3% revidéiert. An dësem Fréijoer waren et schonn nëmme méi 2%, an am Summer nach 0,5%. Iwwert d'ganzt Joer gekuckt, ass dat ëmmerhin nach e Wuesstum vun 0,5%. Also läit eise PIB, dat heescht d'Gesamtheet vun de Wueren an de Servicer, déi an eisem Land am Joer 2002 produzéiert goufen, nach méi héich wéi am Joer virdrun an da kann een, menger Meenung no, net vu Krisis schwätzen, well mer ëmmer nach am Beräich vun enger Croissance sinn, mä da kann een nëmme feststellen, dass am Joer 2002 déi Croissance net esou staark war, wéi an deene Jore virdrun.

D'Fro, déi ee sech iwwregens misst stellen, oder emol sollt stellen ass déi, ob a firwat mer ëmmer erëm mussen an d'Luucht goen, an ob ee sech net mat engem gewëssenen Niveau vu Wirtschaftswuesstum kéint zefridde ginn? Déi Fro wär méi liicht mat jo ze beäntwerten, wann een och seng Usprécher op engem gewëssenen Niveau géing stabiliséieren. Mir wëssen awer, datt am Beräich vun den Usprécher d'Appetitter keng Grenze kennen. Ëmmer nees nei Leeschtunge gi vun der öffentlecher Hand verlaangt. Donieft däerf een net aus den Ae verléieren, datt d'Unhiewe vun de Renten op enger Croissance vum PIB vu 4% tabléiert.

Et muss een nach bemierken, datt vun engem gewëssenen Niveau un et ëmmer méi schwéier gëtt, nach méi staark ze progresséiere wéi dat Joer virdrun. Wann een an der Schoul eng Prüfung vun 30 Punkte vu 60 geschriwwen huet, dann ass et méi einfach ëm 10 oder 20% sech ze verbesseren, wéi wann een op engem Niveau vu 50, respektiv 60 Punkten ukomm ass. Global, iwwer e ganzt Joer betruecht, ginn d'Indicateure vun eiser Ekonomie nach keen Ulass zur Beonrouegung, vu Panik nach guer net ze schwätzen. Géife mer awer iwwer trimesteriell Zuele verfügen, da kënnt ee sécher feststellen, datt eis Wirtschaft an dem leschten Trimester vun dësem Joer réckleefeg ass, well soss kënnt ee schlecht erklären, wéi d'Prognose vun der EU an der Zäit vun engem Joer lues a lues vu 5,5% ob 3% an dann op 2%, gefall sinn, fir schlussendlech bei 0,5% stoen ze bleiwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann trotzdeem e kale Wand duerch eis Reie bléisst, also net nëmmen dobaussen, da manner well d'Clignoteuren op Giel stinn, wéi datt eis Budgetseinnahmen net méi déi schéngen ze ginn, wéi se am Budgetsentworf geplangt waren. Dat huet wuel mat der wirtschaftlecher Situatioun ze dinn, an et ass och richteg, datt d'Situatioun seriö an d'A gefaasst gëtt, mä et muss ee soen, datt esou laang d'Sue gefloss sinn, dat heescht d'Steierrecettë gestëmmt hunn, déi meescht sech net allze vill Suerge gemaach hunn, well gemengt gouf Lëtzebuerg kéint, wéi duerch e Wonner, vun der allgemenger Wirtschaftsflaute verschount bleiwen. Dat Wonner ass awer net agetratt. An esou heescht et, mat Virsiicht un déi nei Situatioun erunzegoen.

Gott sei Dank ass eis allgemeng finanziell Situatioun net esou schlecht, sou datt mer net direkt a Panik musse verfalen. Dat wier dat falscht Signal a géing d'Situatioun nach méi schwéier maachen. Schliesslech hu mer an deene fette Jore gespuert, fir datt mer an deene méi schlechten Zäiten och kënne weiderbestoen. Awer eis Reservefonge sinn net onerschöpflech. De Kolleeg Claude Wiseler huet a sengem Budgetsrapport vum leschte Joer ganz däitlech op déi Problematik higewisen. Wann d'Wirtschaft sech awer net géing erkréien, da misste mer ufänken, de Rimm e bësse méi enk ze zéien.

Da gëtt d'Regéieren och méi interessant, och wann de Statsminister a senger Ried gemengt huet, et wier méi einfach a schlechte Joren eppes ze refuséieren, wéi a gudde Joren, wann d'Geldmëttele jo do sinn. A schlechten Zäite muss d'Solidaritéit awer méi grouss geschriwwe ginn, an da muss jiddereen de Courage opbréngen, fir a sengem Beräich Ofstrécher ze maachen. Wann een an de gudde Joren de Fanger konnt weisen, fir nach méi vum Kuch ze kréien, da muss een a méi schlechten Zäiten och bereet sinn zréckzestiechen, och wann doduerch déi berühmten Acquisë beréiert ginn.

Här President, mir hunn d'lescht Joer an dat Joer virdrun eng Steierreform virgeholl, déi sech engersäits op Grond vun der Evolutioun vun de Steierrecetten an de vergaangene Joren imposéiert huet, an déi sech anerersäits op Grond vun dem Oxygène, dee mer eiser Wirtschaft wollte verpassen, justifiéiert huet. Wann d'Steierrecettë wäit iwwert deem leien, wat de Stat brauch, fir senge Verflichtungen nozekommen, dann ass dat net am Sënn vun enger gesonder Finanzpolitik. De Stat soll senge Bierger nëmmen esouvill Steieren ofverlaangen, wéi hie Sue brauch, fir sengen Aufgabe gerecht ze ginn. Wann d'Keessen iwwerfëllt sinn, da ginn d'Usprécher ëmmer méi grouss, well mer wësse jo all, datt d'Appetitter, wa vun anere Leit hirem Geld bezuelt ka ginn, keng Grenze kennen.

Dat huet de Statsminister kloer ënnerstrach, wéi e gesot huet, datt et schwéier ass, engem eppes ze refuséieren, wann d'Suen do sinn. Dofir war et och noutwendeg no Joren, wou mer héich Plus-valuë geschriwwen hunn, déi iwwregens gutt an de Reservefongen ugeluegt goufen, mer eng Steierreduktioun virgeholl hunn, fir ze verhënneren, datt duerch onersättlech Appetitter d'Statsausgaben op eemol géingen dérapéieren.

Mat der Steierreform wollt de Stat anerersäits eiser Wirtschaft frëschen Oxygène verschafen, fir eng eventuell réckleefeg Konjunktur opzefänken. Duerch d'Steierreduktioune wollt d'Regierung engersäits d'Kafkraaft vun de Stéit eropsetzen, an anerersäits d'Kompetitivitéit vun de Betriber verbesseren an hinnen d'Mëttele loossen, fir nei Investissementer virzehuelen. Béit Objektiver sollten eise Betriber, an doriwwer eraus och eiser Ekonomie zegutt kommen. D'Zukunft wäert eis léieren, ob eis Regierung am richtege Moment déi richteg Décisioun am Interesse vun eiser Ekonomie geholl huet.

Här President, ech wëll net méi am Detail op déi Reform agoen. Ech wéilt awer ënnersträichen, datt um Tarif, wat déi physesch Persounen ubelaangt, vum Joer 1991 bis dëst Joer, folgend Verbesserunge virgeholl gi sinn. Éischtens, wat dat steierfräit Akommes ubelaangt, esou ass dat vun 170.000 Lëtzebuerger Frang am Joer 1990 op haut 390.000 Frang an d'Luucht gaangen, et ass also méi wéi verduebelt ginn. An de Steierspëtzesaz ass vu 56%, wéi en 1990 nach war, op 38%, wéi en haut ass, gesenkt ginn.

Wat de Steiersaz vun de Gesellschaften ubelaangt, esou ass dee vun 1991 bis haut vu 34% op 22% erofgesat ginn, wat fir d'Betriber, wann een d'Gewerbesteier mat arechent, nëmme méi eng Steierlaascht vun eppes Klenges méi wéi 30% ausmécht. Iwwert d'Bank gouf geschat, datt d'Reform vum Joer 2002 Steierabousse vu 7,5 Milliarde Lëtzebuerger Frang fir d'Besteierung vun de physesche Persounen, an 13,8 Milliarde fir d'-Besteierung vun de Kapitalgesellschafte géing mat sech bréngen. Et muss een awer bemierken, datt d'Reform vum Tarif vun 2001 schonn op eng Steierabouss vun 10 Milliarde Lëtzebuerger Frang geschat gouf, esou datt am Verglach zum Joer 2000, fir 2002 17,5 Milliarde manner Steieren iwwert de Wee vun de physesche Persounen an d'Statskees misste fléissen. Hei muss een awer bemierken, datt duerch den Décalage vum Besteierungsjoer an dem Joer vun dem Bezuele vun de geschëllte Steieren, déi Reformen eréischt e puer Joer duerno hiren Nidderschlag am Budget fannen, mat Ausnahm vun de Steieren op de Léin an de Gehälter.

Wat konnte mer an der Folleg vun der Reform vun 1991 feststellen? Ech kucken also dat, wat wierklech geschitt ass, an ech verloosse

mech net op grouss Theorië vum Här Keynes.

1992 goung d'Steier op de Léin an de Gehälter vu 594 Milliounen Euro op 613 Milliounen erop. Dat Joer duerno op 683, an 1994 op 760 Milliounen. D'Steier op de physesche Persounen, déi iwwert de Wee vun der Assiette erhuewe gëtt - normalerweis gëtt mat engem Retard vun engem bis zwee Joer reagéiert -, goung 1992 par rapport zu 1991 vun 218 Milliounen op 235 Milliounen Euro an d'Luucht, 1993 op 258 Milliounen an dunn op 306 Milliounen.

D'Akommessteier op de Kapitalgesellschaften, déi mat zwee bis véier Joer Décalage reagéiert, hat folgende Verlaf: 1991 huet déi 365 Milliounen Euro begraff, 1992 ass se op 329 erofgaangen, 1993 awer schonn op 510 Milliounen Euro an d'Luucht gaangen, 1994 esouguer op 601 Milliounen.

1992 hate mer eng Croissance vum PIB vun 1,8%, an eng Croissance vun der interner Beschäftegung vun 2,5 %. 1993 waren déi Croissancë respektiv 4,2 an 1,6%. 1994 3,8 an 2,5%. Mir gesinn also ganz kloer de positiven Effet vun der Reform op eis Wirtschaft, wat de PIB an d'Beschäftegung an doriwwer eraus d'Steierrecetten ubelaangt. D'Folgen op eis Wirtschaft sinn no der Reform vun 1998 ähnlech verlaf.

Wat d'Reform vun 2000 ubelaangt, esou ass nëmmen e klengen Abroch an der Loun- a Gehältersteier ze verzeechnen, an d'Konsequenze vun der Reform vun 2001 muss een nach ofwaarden. Dobäi sinn d'Indicateuren, wat de PIB an d'Beschäftegung ubelaangt, net vill méi schlecht wéi 1992 an 1993. Iwwregens muss ee sech och nach d'Fro stellen, ob ouni déi Steierreform d'Regierung mat grad esou Nodrock d'Erhéijung vum Mindestloun hätt kënnen duerchsetzen, wéi se dat konnt maachen.

Här President, eis Ekonomie gëtt, wéi et schonn oft op dëser Tribün gesot gouf, staark vum Finanzsecteur geprägt. De Rapporteur Emile Calmes ass a sengem exzellente schréftleche Rapport, fir deen ech en iwwregens hei wéilt félicitéieren, am Detail dorobber agaangen, esou datt ech mech mat e puer Bemierkunge ka begnügen.

D'lescht Joer huet dee Secteur méi wéi e Fënneftel zur Valeur ajoutée brute vun eiser Wirtschaft bäigedroen. D'Produktioun vun deem Secteur besteet haaptsächlech awer aus de Kommissiounen, déi d'Entreprisen op den Transaktioune verrechnen an aus der Marge op den Zënsen. D'Kommissioun hänkt engersäits vum Volume vun den Transaktiounen of, anerersäits och vum Präis vun de Wäertpabeieren, déi verkaaft an akaaft ginn, besonnesch wat d'Aktivitéite vun den „Organismes de placements collectifs" ubelaangt.

D'Euphorie, déi een an de leschte Jore vum 20. Jorhonnert um Aktiëmaart konnt feststellen, gouf d'zweet Trimester 2000 staark gebremst. Besonnesch de Rush op d'Aktië vun den Entreprisë vun der „new economy" huet staark nogelooss, e Rush, deen zu enger kënschtlecher Opwäertung vun deene Pabeiere gefouert hat. D'Demande vun deenen Aktien huet drastesch nogelooss a vill Propriétairen hu versicht hir Pabeiere lass ze ginn. Dat hat zur Konsequenz, datt de Cours op der Bourse vun deene Pabeiere regelrecht zesummegebrach ass. Och de Cours vun deene meeschten anere, méi traditionellen Aktien ass zréckgaangen. Dat hat en duebelen Effet op eise Finanzsecteur. Engersäits ass de Volume vun den Transaktiounen erofgaangen, an anerersäits huet den Abroch vun de Coursë sech op de Portefeuillë vun den OPCen ausgewierkt, deenen hir Kommissioun jo staark vum Wäert vun deenen eenzele Portefeuillen ofhänkt.

D'Produktioun vum Finanzsecteur ass staark konjunkturbedéngt an hänkt anerersäits och nach wesentlech vun der Spekulatioun op der Bourse of. Dofir muss ee mat engem Abroch an deem Secteur rechnen, deen an deenen nächste Joren en Nidderschlag an de Steierrecettë wäert fannen, wann en net duerch eng staark Relance kompenséiert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, net esou volatil ass d'Produktioun vum Handwierk a vum Commerce, also vun eise Kleng- a Mëttelbetriber, deenen hiren Undeel un der Valeur ajoutée brute vun eiser Ekonomie ëmmerhin ëm déi 19% läit. Vill méi staark spigelt sech d'Importenz vum Mëttelstand an der Ekonomie nach um Plang vun der Beschäftegung erëm. De Commerce an d'Handwierk hunn d'lescht Joer zesummen eng 36% vun eiser interner Beschäftegung ausgemaach an dee Secteur huet an deene leschte sechs Joer 17.600 nei Aarbechtsplaze geschaf, also der 7.200 méi wéi de Finanzsecteur. Dat ass de Beweis, datt et sech hei ëm en dynamesche Secteur handelt, dee sécherlech zur Diversifikatioun vun eiser Wirtschaft ka bäidroen.

Dofir fannen ech et och ongerecht, wann ee behaapt am Beräich vum Mëttelstand wier vu Regierungssäit näischt gemaach ginn. Kommen déi Steierreformen, déi ech elo grad hei beschriwwen hunn, net och de Kleng- a Mëttelbetriber zegutt? D'Beméiungen, déi d'Regierung zënter Joren an der Bekämpfung vum sozialen Dumping ënnerholl huet, ass keng Beschäftegungstherapie fir eng honnert Beamten, mä eng Mesure, fir eise Mëttelstand géint illegal an deloyal Konkurrenz vun auslännesche Betriber ze schützen.

Wa mer an der Chamber en neit Gesetz iwwert d'Néierloossung vun den Transporteure gestëmmt hunn, da fir an deem Secteur déi éierlech Betriber virun deene manner éierlechen ze schützen. Och dat si mëttelstänneg Betriber, ech mengen, dat muss een emol eng Kéier hei bemierken.

Wann de Mëttelstandsminister d'Gesetz iwwert déi deloyal Konkurrenz ëmgeännert huet, da fir eise Betriber déiselwecht kommerziell Praktiken ze erlaben, wéi hire Konkurrenten déi Säit vun der Grenz. De Kolleeg Lucien Clement wäert nach méi am Detail op de Mëttelstand agoen. An, Dir Dammen an Dir Hären, wann de Mëttelstandsminister der Confédération du Commerce net noginn huet, fir d'Geschäfter zwee Samschdescher am Dezember bis 20 Auer opzeloossen, dann net, well hien de Gewerkschafte wollt entgéintkommen - dat wier dem Här Biltgen seng Missioun -, neen, en huet et eleng dowéinst gemaach, fir dem Commerce op der grénger Wiss net nach zousätzlech Avantagë vis-à-vis vum Commerce an de Stied ze verschafen. De klenge Commerçant ass net Demandeur, fir no sechs Auer owes opzehunn, soss kéint en dat grad esou wéi d'Grande-surfacen all Dag an der Woch maachen.

Bei de Beruffschamberen ass et, wéi an der Politik: Alles wat schlecht geet ass d'Schold vun der Regierung, a wann et gutt geet, dann ass et deenen aneren hire Mérite. Dorunner muss ee sech winnen a besonnesch déi Leit, déi an der nächster Regierung dobäi wëlle sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung huet an der Vergaangenheet ëmmer eng virsiichteg a verantwortlech Steier- a Budgetspolitik bedriwwen. Dëse Budget soll an déiselwecht Richtung goen. Keng Panik am falsche Moment ausléisen, fir datt déi Instrumenter, déi d'Regierung sech ginn huet, eiser Ekonomie et erlaben iwwert déi méi schwéier Zäit, déi eis eventuell bevirsteet, ewechzekommen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Budgetsdebatte vun dësem Joer si keng Debattë wéi déi aner Joren. D'Regierung an d'Koalitioun si vun der schneller Dégradatioun vun der allgemenger Wirtschaftslag hei zu Lëtzebuerg kal erwëscht ginn. Den Toun vun den Interventiounen, besonnesch den Toun, differenzéiert sech ganz kloer vun deem Toun, dee mer déi lescht Joren, an esouguer nach d'lescht Joer, hei an dësem Haus gewinnt waren. Ech wäert herno nach mat e puer Zitater op déi üblech Positioun vun de Koalitiounsparteien zréckkommen.

Wat dat lescht Joer nach konnt erausgezögert ginn, wat konnt schéi geriet ginn, jo, deelweis ignoréiert ginn, dat kann ee mat deem gréissten Zukunftsoptimismus, oder Zweckoptimismus, dës Kéier net méi ignoréieren. D'Lëtzebuerger Wirtschaft stagnéiert. D'Wirtschaftsprogressioun dréckt sech an dëse Joren 2001 an 2002 just nach hannert dem Komma aus.

D'Situatioun ass eescht, sot esouguer de Premierminister. E schwätzt vu Kris, en hélt d'Wuert Rezessioun an de Mond. De Finanzsecteur geet zréck, kloer zréck. Och déi aner Secteure kënne just nach, wann iwwerhaapt, relativ bescheide Wuesstumsprogressiounen opweisen.

No deenen neisten Zuelen ass, entgéint deem Bild, wat den Här Weiler nach gëschter hei probéiert huet ze molen - leider ass en haut net bei eis, bei dësen Diskussiounen -, sinn déi schlecht Zuelen net nëmmen e Phenomeen vum Finanzsecteur, mä ass déi negativ Entwécklung leider eppes, wat och aner Branchen, wichteg Branchen, an eiser Wirtschaft ewell ageholl huet.

Et brauch een do nëmmen déi lescht statistesch Donnéeën - dat si keng Prognosen - vum Statec ze kucken, wat d'industriell Produktioun hei zu Lëtzebuerg am drëtten Trimester 2001 ugeet, déi ass an deem Trimester ëm 2,6% agebrach. Iwwert déi éischt néng Méint vun dësem Joer ass am Industrieberäich, am Verglach zu 2001, e Minus vun 0,1% ze verzeechnen. An zéng vun 18 Industriebranche sinn negativ Trenden ze mellen, an deenen dräi éischten Trimester vun dësem Joer.

D'Lag ass wierklech eescht. D'Regierung wollt, huet probéiert, während laange Méint, de Problem auszesëtzen, wéi se dat schonn d'lescht Joer gemaach huet - an dat mat Erfolleg - wou se zwar ganz vill iwwert den 11. September 2001 geschwat huet, wou se gemengt huet, alles wär anescht no deem 11. September 2001, mä hiren eegene Budgetsprojet, dee wollt se d'lescht Joer net änneren.

Dat war falsch, wéi sech elo erausstellt. Datselwecht wollt se och dës Kéier probéieren. Iwwer laang Méint a géint all nei Nouvellen, déi ganz kloer déi negativ Tendenzen erausgestrach hunn, huet emol d'Regierung beharrlech dat alles ignoréiert a beharrlech ëmmer erëm d'Thees hei déclaméiert, nach am November an dëser Chamber duerch de Minister Biltgen, et bräicht näischt Fundamentales um Budgetsprojet 2003 geännert ze ginn.

Spéitstens no deenen néfastë Prognose vun der EU-Kommissioun Mëtt November, huet sech d'Regierung awer misste bewegen. D'Progressioun fir 2001 nach 1%, 2002 0,1%, an 2003 2%. Si huet spéit reagéiert, si huet plötzlech reagéiert. An ech ënnersträichen dat, a mengen Aen huet se net professionell reagéiert, wann een all déi Positioune kuckt, déi se zënter dem September vun dësem Joer bis den November ageholl huet. Entweder huet se d'Zeeche vun der Zäit net erkannt, wat hir net zu Éier gereecht oder, wat ech nach méi schlëmm fannen, si wollt déi eigentlech Situatioun verheemlechen, soulaang wéi et nëmme méiglech war. Dat ass intellektuell onéierlech an dat ass politesch inakzeptabel.

D'Land huet d'Recht, déi ganz Wourecht ze héieren. Et ass e bësse beispillhaft, wéi den Här Juncker, den neie Lëtzebuerger Cicero-Präisträger, et fäerdeg bruecht huet, am Laf vun deene leschte Woche säi Finanzjargon flexibel ëmmer erëm der Entwécklung vun der Situatioun unzepassen an den Androck gläichzäiteg versicht huet ze vermëttelen, hie géif ëmmer richteg leien an hien hätt vun Ufank un natierlech richteg geleeën.

Am September, bei der Presentatioun vum Budget, huet hie gesot. d'Situatioun wär zwar komplex, mä si wär net eescht. De Signal war: Mir bleiwe bei eisem Projet vum Juli, mir behalen e klore Kapp.

Am Oktober weider de Message: Et gëtt näischt um Budget 2003 geännert. Ech zitéieren: „D'Eckdate ginn net changéiert." Dat obwuel an deem Moment schonn de Statec seng nei Previsioune fir 2001, 2002 an 2003 virgeluecht hat.

Am November da plötzlech: D'Lag ass eescht, mä selbstverständlech si mir gutt virbereet.

Am Dezember eng Argumentatioun, déi hien am September nach völleg ofgelehnt hat. E schwätzt vu Kris. An ech zitéieren aus senger Ried virun der Chamber, wou e schwätzt „vun engem bal rezessive Virgang". Ech wëll betounen, dass hien am September nach d'Rezessioun just bei den Nopere gesinn huet an Däitschland, mat ähnleche Progressiounsraten deemools, wéi mer se elo fir Lëtzebuerg kennen. Dat war awer net de Fall fir Lëtzebuerg deemools.

Dat gesäit, Dir Dammen an Dir Hären, net no Wäitsiicht an no Besonnenheet aus, mä dat richt ganz staark no Navigation à vue. Stéck fir Stéck huet sech d'Regierung an e Réckzuchsmouvement engagéiert. D'Regierung ass iwwerrascht ginn. Si huet nëmme widderwëlleg a mam Réck zur Mauer schliesslech déi wirtschaftlech Evidenzen akzeptéiert, aus Rechthaberei, aus Angscht viru falsche Signaler, aus politescher Bequemlechkeet, fir missen e Budgetsdokument ze iwwerschaffen. Mir bleiwen d'Ursaache vun där verspéitener Reaktioun vun der Regierung eigentlech schleierhaft. Si geet elo schonn e Schratt weider, an deen nächste Réckzuch preparéiert sech och schonn.

Wann een den Discours vum Finanzminister hei virun der Chamber analyséiert, wann een dat kuckt oder nolauschtert, wat den Här Weiler gëschter als CSV-Vertrieder hei gesot huet, da sinn déi nei Schrëtt scho preparéiert. Et gëtt geschwat vun zousätzleche Moossnamen, drastesche Moossnamen, déi misste geholl ginn, vun Aschnëtter, wa sech den Opschwonk an der zweeter Halschent vum nächste Joer net géif maachen. 2004, 2005, déi Rechnung geet net op. Et sief dann, wat de Budget 2005 ugeet, dass d'Regierung sech zousätzlech Einnahme verschaaft. Dat kéint zum Beispill iwwer eng Quellesteier geschéien. Ouni esou zousätzlech Einnahme gesinn ech net, wéi de Statsbudget 2005, a wéi d'Gemengebudgeten 2005 kënnten an den Equiliber bruecht ginn.

Interessanterweis ass ze gesinn, dass nach am November, nodeem schonn déi lescht Zuele virlouchen, de Berichterstatter, den Här Calmes, dee manifestement vun der Regierung falsch gebrieft ginn ass, nach an engem Interview gemengt huet, de Budget vun 2003 bräicht net geännert ze ginn. An de Minister Biltgen huet an Uspillung op en Artikel, deen ech selwer verfaasst hat, gemengt: Um Budget 2003 bräicht näischt geännert ze ginn. Politics as usual, dat war dee Message, dee gegollt huet. An zur selwechter Zäit, een, zwee Deeg drop, war d'Welt ganz anescht. Effektiv, et schéngt mer déi lénks Hand an der Regierung net ze wëssen, wat déi riets Hand mécht.

D'Einnahme sinn erofgesat gi vun der Regierung, d'Ausgaben och. Wat e bëssen erstaunlech ass, dat ass, dass bei där Reaktioun, déi d'Regierung an e puer Deeg praktesch geholl huet, se eigentlech un dat fréckele gaangen ass, wat se nach bei der Presentatioun vun hirem Budgetsprojet 2003 als Highlights vun deem Budget presentéiert huet. D'Highlights waren d'Investissementer an d'Entwécklungshëllef, déi weider géifen däitlech eropgoen, an de Beräich vun der Fuerschung. Am grousse Ganzen ass gesot ginn, dat grousst Merkmal vum Budget vun 2003 wär déi drastesch Steigerung vun den Dotatioune fir déi eenzel Fongen. An dat, wat d'Regierung an e puer Deeg décidéiert hat - a si hat sech net méi Zäit geholl, fir aner Décisioune kënnen ze huelen - war, fir emol déi Dotatiounen ëm 70 Milliounen Euro - dat ass kee Pappenstiel - erofzesetze par rapport zu deem, wat se nach am September als grouss Errungenschaft duergestallt hat.

Hätt d'Regierung méi schnell reagéiert, hätt se schonn ufanks Oktober spéitstens déi lescht Prognose vum Statec an déi lescht Erhiewunge vun de Steierverwaltungen, déi virlouchen, seriö studéiert an net einfach an d'Täsch gestach, dann hätt se sechs Wochen Zäit gehat, fir méi fundamental de Budget nach eng Kéier duerchzegoen, Arbitragen ze maachen an à la rigueur ze erreechen, dass duerch en Ofbremsen elo schonn, eng Vollbremsung an deenen nächste Jore vläicht net néideg gëtt.

An de Gemenge si mer amgaang déiselwecht Operatioun ze maachen. An ech ka fir meng Gemeng schwätzen, dass mir opgrond vun där verännerter Situatioun, déi eis d'Regierung matgedeelt huet, dozou iwwergaange sinn, fir de ganze Budget nach eng Kéier ze duerchforsten, an eng nei Propositioun gemaach hu par rapport zu deem Budget, dee mer arrêtéiert hunn, wou effektiv e luest Ofbremse vu gewëssenen Ausgabe gemaach gëtt, fir ze verhënneren, dass mer mussen 2005 eng Vollbremsung maachen.

***(Interruptions diverses)***

D'Regierung ass un e puer déck Poste erugaangen. Dat ass einfach, dat bedeit keen Arbitrage, dat ass sech d'Saach ze einfach gemaach. Dat ass eng Method, déi ee muss maachen, wann een an dräi, véier Deeg muss reagéieren a wann ee sech net déi Woche virdru seriö mam Problem beschäftegt huet. Ech soen: D'Regierung huet sech an deene Woche virdrun net seriö mat deene leschten Donnéeë beschäftegt, soss hätt se, géif ech mengen, wa se den allgemengen Intérêt berücksichtegt hätt, a wa se net nëmmen op den Datum vum Juni 2004 kuckt hätt, en anere Budget virgeluecht.

Cocasse gëtt et jo dann, wann elo nach vun de Majoritéitsvertrieder, a besonnesch vum Här Weiler, verlaangt gëtt, mir sollten als Oppositioun d'Aarbecht vun der Regierung maachen. Mir sollten also elo nach den neie Budget schreiwen. Dat ass eng formidabel Aarbechtsopdeelung, muss ech scho soen. Ech froe mech, firwat dass mir eng Regierung brauchen? D'Regierung huet eis net gefrot bei der Opstellung vum Budget. Elo hätt se gär eis gutt Rotschléi bei der Upassung vum Budget. Dat

Ganzt ass ze vill duerchsiichteg. Déi Argumentatioun do dréit net.

D'Regierung, an ech bestätegen dat, steet haut virun engem Koup Schierbelen. D'Regierung steet virun de Schierbele vun hire gebrachenen Illusiounen, well dës Regierung huet sech, méi wéi munch aner, dem Inselsyndrom higinn, deen de Premier hei esou eloquent beschriwwen huet a senger Ried.

Véier Ilusioune vun dëser Regierung a vun dëser Koalitioun si geplatzt. D'Illusioun vun enger éiweg erfollegräicher Finanz- a Budgetspolitik, déi op d'Konscht zréckzeféiere wär vun deenen, déi d'Verantwortung an deem Beräich hunn.

D'Illusioun vun den éiwege budgetären Equiliberen a vun den éiwege Progressiounen an den Einnahmen an an den Ausgaben.

D'Illusioun och vun enger mëttelfristeg ausgeriichteter Finanzplanung. Et ass erstaunlech, dass weder de Premier, nach de Budgetsminister, nach d'Riedner vun der Majoritéit, deen Ausdrock dëser Deeg an de Mond geholl hunn. Ass dee Budget, dee mer haut hei diskutéieren, an deen d'nächst Woch ofgestëmmt gi soll, conforme zu enger mëttelfristeg ausgeriichteter Finanzplanung?

Ech géif mech do gären op en Dokument beruffen, wat leider ouni Wäert ass, well d'Regierung et selwer mat Féiss trëppelt. Dat ass d'Circulaire budgétaire, déi all Joer vum Budgetsminister verschéckt gëtt, déi veröffentlecht ginn ass an déi sengerzäit opgebaut war op der Iddi vun enger mëttelfristeg ausgeriichteter Finanzplanung. Wann een déi Parametere berücksichtegt, déi an där Circulaire stinn, dann ass de Budget opgestallt ginn op der Basis vun engem mëttelfristege Wuesstum vu 5,1% an der Moyenne pro Joer. Dat war am Fréijoer. A Wierklechkeet, wann een déi reell Zuelen elo kuckt, dann sinn et 1,5%. Et ass praktesch nach e Véierel vun deem d'Regierung ausgaangen ass bei der Opstellung vun hirem Budget.

Mä net nëmmen déi doten Illusioun ass definitiv geplatzt. Geplatzt ass och d'Illusioun vun eenzelne Politiker hei zu Lëtzebuerg, déi sech selwer virgemaach hunn, dass ee kéint, duerch national Moossnamen international Wirtschaftstendenze fir Lëtzebuerg positiv steieren. Dat ass definitiv eng Illusioun. Et kann ee se zäitlech vläicht verschieben, mä grouss international Tendenzen huelen och Lëtzebuerg an. Dat gesäit ee ganz kloer mat deem Abroch an de Progressiounen, wéi mir e momentan ze verzeechnen hunn.

A schliesslech ass eng véiert Illusioun vun dëser Regierung an dëser Koalitioun geplatzt, nämlech d'Illusioun, dass mir an Europa als Lëtzebuerg a puncto Wirtschaft a Finanzen déi Bescht waren; dat ass definitiv eriwwer. Et ass och net wouer fir de Wuesstum. Mir sinn 2001 d'Schlussliicht an der Europäescher Unioun. Mir sinn an Zukunft nach Mëttelmooss bei deene 15 EU-Staten an dat gëllt och souguer fir d'Budgetsdefiziter, wou d'Kommissioun eis bescheinegt, dass mir Defiziter wäerten hunn, net nëmmen dëst Joer, mä och d'nächst Joer, an och souguer nach d'iwwernächst Joer, bei enger, a mengen Aen, ze optimistesch agesatener Aschätzung vum Wuesstum fir 2004.

A mir sinn och ewell traurege Spëtzereider an der Europäescher Unioun ginn, net wat déi absolut Zuele vum Chomâge ugeet, mä wat d'Progressioun vum Chomâge ugeet. A mir kënnte duerchaus an eng verkéiert Welt erakommen, déi mir eigentlech esou ni kannt hunn, an zwar dass an deenen nächsten een, zwee Joer d'Zuel vun den Aarbechtslosen hei zu Lëtzebuerg wäert steigen, während an anere Länner de Chomâge - wann et international zu enger Reprise an der zweeter Haltschent vum nächtste Joer kéim - no ënne wäert goen. Dat ass dat Bild, wat sech momentan ofzeechent. Mir stinn also virun de Schierbele vu véier zerbrachenen Illusiounen.

Et muss een och soen, dass sech dat e bëssen am Tounfall erëmspigelt. Wann ech kucken, wéi wéineg bescheide verschidde Regierungsmemberen, och eenzel Députéierten, sech nach d'lescht Joer nom 11. September 2001, wou mer eis bewosst waren, dass dat en negativen Afloss op d'Wirtschaftsentwécklung wäert hunn, hei mat der Positioun vu Lëtzebuerg gebretzt hunn a geréngschätzeg Beuertelungen iwwert d'Situatioun an eisen Nopeschlänner lassgelooss hunn.

Dëst Joer hunn ech esou Téin hei am Parlament drollegerweis net méi héieren. Dat sech selwer op d'Schëller klappen, wou eenzel Leit Spezialist dra sinn, war och dës Kéier net méi an deemselwechte Mooss ze bemierke wéi déi aner Joren, an och nach d'lescht Joer am Dezember 2001.

Mä wéi et ëmmer ass, no enger Euphorie ass eng Ernüchterungsphas ëmmer ganz schwiereg. Da gëtt emol ëm sech gefacht, wéi den Här Weiler dat gëschter hei probéiert huet ze maachen, an d'Schold kréien natierlech emol all déi aner. Si sinn déi, déi alles schlecht rieden, an dobäi, mengen ech, sinn d'Fakten do, an déi däerf besonnesch och dës Chamber net ignoréieren.

Ech gleewen, dass CSV an DP och dëst Joer nach gäre bei hiren Illusioune vum leschte Joer verbliwwe wären. Ech hunn awer e puer kleng Zitater an deem Zesummenhang hei unzeféieren. Den Här Wiseler, deen haut sech als Mahner versicht,, huet awer zum Beispill d'lescht Joer nach Folgendes gesot: „D'Gesamtbild vun der Finanzsituatioun vum Stat kann een nëmmen als extrem positiv an zefriddestellend bezeechnen".

An den Här Weiler hat alles wäit erfaasst an hat d'lescht Joer Folgendes deklaréiert: „Eist Land befënnt sech an enger extrem gudder Situatioun an ass och am europäesche Kontext gutt positionéiert bis 2008". Formidabel! Mir wëssen net wat 2005 ass, awer hie wousst, dass mir gutt bis 2008 géife leien.

***(Interruption)***

De Budget 2002, sot den Här Weiler, ass de Reflet vun der gesonder Situatioun vun eiser Wirtschaft a vun eise Statsfinanzen. Mä et kënnt nach besser, an da si mer erëm bei deenen Illusiounen, déi definitiv zerbrach sinn. Eis Zuelen, sot den Här Weiler d'lescht Joer - dëst Joer huet e sech net méi getraut dat ze widderhuelen -, géife wuel bei enger Rei vun eisen Nopeschlänner - elo kënnt déi Bescheidenheet nach eng Kéier ervir, déi eenzel CSV-Leit hunn - „zu enger" - lauschtert gutt no - „akuter finanz- a wirtschaftspolitescher Euphorie féieren". Formidabel!

4% Prozent Wuesstum", sot en d'lescht Joer, „si bei all eisen Noperen, souguer a gudden Zäiten, nëmme Wonschdenken". Abee, wéi ech de Premier héieren hunn, schéngt dat doten och e Wonschdenken an Zukunft hei zu Lëtzebuerg ze ginn.

An den Här Rippinger soll och hei zu Éiere kommen - deen natierlech an der Flatterie par rapport zu der Regierung net wëllt géigeniwwer vum Här Weiler zréckstoen -, huet d'lescht Joer, in weiser Voraussicht, Folgendes gemengt: „D'Regierung huet och um finanzielle Plang eng Spëtzepositioun an Europa." D'Regierung, net Lëtzebuerg! D'Regierung, déi dichteg Regierung. Si ass et jo och, déi eis Positioun als Schlussliicht an Europa ze veränwerten huet.

***(Interruptions diverses)***

Eng Spëtzepositioun, net nëmme wat d'Héicht vun de budgetären Iwwerschëss ugeet.

Une voix.- Dat war och richteg.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Neen, dat ass falsch.

Une voix.- Neen, zu deem Zäitpunkt war et richteg.

***(Interruptions diverses)***

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Jo, et ass falsch. Liest d'Projektioune vun der Europäescher Kommissioun, da gesidd Dir, dass mir och souguer an de Budgetsdefiziter - well do muss ee jo och d'Fonge mat abezéien an notamment Dépensë vun de Fongen, dat ass nämlech déi Rechnungsmethod, déi um europäesche Niveau ugewannt gëtt -, am Defizit sinn, an net méi an enger Iwwerschosssituatioun.

Den Här Rippinger huet ofgeschloss andeems hie sot: „Mir sinn um finanzielle Plang iwwerall am Spëtzepeloton dobäi". Do huet wahrscheinlech och d'Euphorie vum Tour de France matgespillt. Mä den Tour de France ass eriwwer an déi dote Situatioun ass, fäerten ech, och mëttelfristeg eriwwer.

***(Brouhaha général)***

Et ass wouer, de Lëtzebuerger Stat, net d'Regierung, verfügt iwwer zolitt Reserven. D'Scholdelaascht ass absolut geréng. Dat muss een, wann een en Tableau brosséiert, natierlech och mat därselwechter Véhémence soen: An deenen dote Punkten ass Lëtzebuerg och nach virbäi.

Mä et muss een awer och wëssen, an dat ass eben déi Diskussioun, déi mir sécherlech nach elo an deenen nächste Méint ze féiere kréien, dass déi Reserven do zu 75% op Reserven vun den nonzeger Joren zréckzeféiere sinn. Si sinn also a laange Joren ugeheeft ginn, fir Engpäss ze iwwerbrécken, déi momentaner Natur sinn, awer virun allem fir eng Rei vu groussen Investissementer iwwer laang Joren, grouss Infrastrukturprojeten am Gesondheetswiesen, am Schoulwiesen, am Transportwiesen an an anere Beräicher kënnen ze finanzéieren.

Dës Reserve vun iwwer 15 Joer däerfen net an dräi Joer wäitgehend opgebraucht ginn. Mä genau dono gesäit et aus, wann een eng Analys vun der pluriannueller Planung mécht, déi d'Regierung virgeluegt huet. 2003, 2004, 2005 gëtt massiv investéiert, mä awer och massiv un de Reserve geziert. Steierscholde ginn ofgeruff, Investitiounsfonge ginn ugezaapt, an déi nächst Regierung riskéiert - wann dat wierklech esou duerchgezu gëtt wéi geplangt, a wéi d'Tableauen dat aussoen - viru bal onléisbaren Aufgaben ze stoen, et sief dann - nach eng Kéier maachen ech dee Virbehalt - et géif sech, oh Wonner, dach en Accord ronderëm d'Bankgeheimnis an d'Quellesteier an deenen nächsten Deeg maachen, well déi Quellestéier ass vläicht fir d'Bankeplaz keng Medezin, mä si bréngt kuerzfristeg méi Gelder, däitlech méi Gelder an d'Statskeesen eran.

Eiser Meenung no ass dee pluriannuelle Finanzplang, deen d'Regierung opgestallt huet, ongenau, onkomplett a komplett realitéitsfriem.

Wéi gesäit d'Situatioun no 2006 aus? Exercice ultérieur! Do feelt d'Précisioun an den Dokumenter vun der Regierung. Mä grad elo, wou et méi enk gëtt, a wou ee weess, datt ee mëttelfristeg an akut Finanzschwieregkeeten erakënnt, misst awer déi Planung e bësse méi wäit gemaach gi wéi den Horizont 2005/2006.

Et muss een och wëssen, wat déi weider Engagementer sinn an deene Projeten, déi elo mat engem Ufankskredit an den Tableaue stinn, wat déi un zousätzleche Käschte wäerte mat sech bréngen. Dat geet aus de Regierungsdokumenter net ervir, an ech mengen, dat soll och aus deenen Dokumenter net ervirgoen, well dat wären onbequem Diskussiounen, déi mir dann hei ze féiere kréischen.

De Vertrieder vun der Lëtzebuerger Zentralbank huet et an der Finanzkommissioun op de Punkt bruecht. En huet ervirgestrach, dass eleng fir 2003 d'Dotatioune vun de Fongen insgesamt ëm 6% an d'Luucht ginn, d'Ausgaben awer ëm 36% an d'Luucht ginn, wann een de Budget initial vun 2003 kuckt. A si si méi wäit gaangen. Wann een nämlech d'Investitiounsfongen - wat ee muss no den europäesche Rechnungsmethode maachen -, mat berücksichtegt an der Festleeung vun dem budgetären Equiliber vum Stat, wann een also op där enger Säit d'Dotatiounen erausrechent aus dem Budget an d'Dépensë vun den Investitiounsfonge mat berücksichtegt, dat heescht dobäi rechent, da kënnt een op e relativ dramatesche Chiffer vu bal 3% vum PIB minus Defizit an eisem öffentleche Budget fir 2003. Dat sinn Zuelen, déi de Vertrieder vun der Lëtzebuerger Zentralbank virum Parlament zitéiert huet.

Ech wëll och, fir meng Thees ze ënnermaueren, dass d'Regierung sech uniquement op d'Joren 2003 an 2004 konzentréiert an et hir momentan zimlech egal ass, wat duerno passéiert, d'Evolutioun vun den Avoire vun deenen eenzelne Fonge kucke vun ufanks 2003 un, also wou mer eis haut befannen, a wou déi Fongen ufanks 2006 stinn.

De Spidolsfong, wou mer wëssen, dass eng Rei vu Käschtepunkter falsch ageschat sinn a falsch Zuelen nach wie vor an de Statistike vun der Regierung drastinn. Bei den Spidolsfonge louchen d'Avoiren ufanks 2003 bei 262,3 Milliounen Euro. Ufanks 2006 leie se nach, lauschtert gutt, bei 67,7 Milliounen Euro, also praktesch e Minus vun den Avoire vun 200 Milliounen Euro.

Beim Fonds sanitaire et social vum Familljeministère leien d'Avoiren ufanks 2003 bei 61,7 Milliounen Euro. Déi ginn ufanks 2006 erof op 15,7 Milliounen Euro, praktesch nach e Véierel vun deem, wat se elo duerstellen.

De Fonds des routes: Ufanks 2003 148,4 Milliounen Euro. Ufanks 2006 e Minus vu 4,1 Milliounen Euro, e Fonds des routes, deen am Minus wäert sinn ufanks 2006.

De Fonds d'invesstissement public administratif huet haut e risegen Avoir vun 370,9 Milliounen Euro. Ufanks 2006 nach 31,5 Milliounen Euro, also manner wéi en Zéngtel vun deem, wat en haut huet.

De Fonds d'investissement scolaire, och ee wichtege Fong, geet vun 277,2 Milliounen Euro Avoir ufanks 2003 op 108,7 Milliounen Euro 2006 zréck.

Datselwecht beim Fonds du rail. Datselwecht och beim Ëmweltfong. Iwwerall sinn déiselwecht Tendenzen ze verzeechnen. D'Avoire schmëlzen an deenen nächste Joren an et ka kee soen, wéi et dann 2006/2007 weidergeet. Dat ass onseriö.

D'Regierung huet och, wat déi pluriannuel Planung ugeet, hir Aarbecht net gemaach. Si huet gemaach, wéi wa keng Problemer géife bestoen. Si ass business as usual weidergefuer, wéi all Joer. Abee d'Ëmfeld huet changéiert an deementspriechend hätt vill méi Sériositéit missten erakommen an déi dote Planung, well soss ass et onméiglech sech e reellt Bild vun der Situatioun ze maachen. Mä vläicht ass et esou gewollt, dass ee sech dat net ka maachen.

Besonnesch beängschtegend awer sinn déi doten Zuelen, wann een dann och nach kuckt, wat vun der Regierung vu jährlechen Dotatiounen iwwert de Statsbudget virgesi war, fir iwwerhaapt nach déi Avoire kënnen ze garantéieren am Joer 2006. Da stellt ee Folgendes fest: D'Regierung geet dovunner aus, dass zum Beispill, wat déi grouss öffentlech Investitiounsfongen ugeet am Joer 2003, wou d'Dotatioun am Budget bei 86 Milliounen Euro läit, géif eropgoen 2005, wou eng jährlech Dotatioun iwwert de Statsbudget virgesinn ass vun 151 Milliounen Euro, plus 75%, wou awer jidderee weess, dass mer am Budget 2005, well keng nei Einnahmequellen kommen, sécherlech net an enger besserer Situatioun stinn, wéi mer haut mam Statsbudget 2003 stinn, an awer gesäit d'Regierung vir mat den Dotatiounen iwwert déi nächst Joren eropzegoen ëm 75% an engem Joer. Dobäi bretzt se sech dëst Joer domat, si hätt nach ni esou héich Dotations budgetaires virgesinn, fir déi eenzel Fongen. Abee, déi nach ni esou héich Dotations budgetaires mussen nach ëm 75% méi héich ginn am Budget 2005, well soss kommen emol net déi benéidegt Avoiren eraus a mir si praktesch am Minus a sämtlechen Investitiounsfonge vum Stat.

En anert Beispill, de Fonds du rail. Do ass elo eng Dotatioun am Statsbudget virgesi fir 2003 vu 50 Milliounen Euro. Fir 2005, fir iwwerhaapt nach kënnen Investissementer duerno ze tätegen, gesäit d'Regierung vir, dass déi Dotatioun iwwert de 2005er Budget op 90 Milliounen Euro géif eropgoen, e Plus also vu 40 Milliounen Euro eleng bei engem Fong. Dat sinn 80% méi am Joer 2005 vun Dotatiounen iwwert dee Budget, wéi mer haut iwwert de Budgetsprojet 2003 virgesinn hunn. Dat doten hält sech net, dat sinn, a mengen Aen, statistesch Tricken, fir iergendwéi Equiliberen opzeweisen, mä dat fousst net op der reeller Situatioun. Et ass och net eng reell Aschätzung vum Timing vun deenen eenzelne Projeten a vun hirem Käschtepunkt.

Als sozialistesch Fraktioun verlaange mer, dass d'Regierung zousätzlech Donnéeën op den Dësch leet, dass se Prezisioune gëtt zu all eenzelne gréissere Projet vum Stat, dass mer iwwert Donnéeën iwwer 2006 eraus endlech verfügen, dass mer fir jiddfer grousse Projet dee genaue Käschtepunkt aktualiséiert an den Timing vun der Exekutioun vun deem Projet kréien, well soss ass dat hei effektiv nëmme Maquillage, wéi den Här Calmes géif richtigerweis soen.

Och an deem Punkt verlaange mer vun der Regierung eng Opération vérité an net en Zuelegespills, wéi se eis dat hei virexerzéiert. Ech fannen et an där Hisiicht scho bal skandaléis, dass an där allgemenger Beschéinegungs- a Vertuschungsstrategie, déi d'Regierung sech laang ginn huet, praktesch nëmmen duerch en Zoufall erauskomm ass, wat d'Evolutioun vun der Gewerbesteier iwwer 2003 eraus wäert sinn. Ech war selwer Zeien, wéi dat passéiert ass. Dat war net eng iwwerluegten Aktioun. De Finanz- a Budgetsminister war selwer erstaunt, wéi en dee Chiffer virgelies huet. Mä en hat en awer virgelies, an e konnt en net méi zréckzéien. Säin Erstaune war esou grouss, dass en esouguer keng Explikatioun konnt liwweren, firwat dann op eemol d'Gewerbesteier vum Joer 2003 par rapport zu 2004 géif ëm 40% erofgoen. Déi eenzeg Äntwert, déi en hat, war: Frot den Inneminister. Dobäi weess awer jiddfer Kand, dass den Innenminister net zoustänneg ass fir d'Festleeung vun der Einnahmenaschätzung vun der Gewerbesteier, mä dass dat d'Steierverwaltung ass. An déi Steierverwaltung ënnersteet bekanntlecherweis net dem Innenminister!

Esou kann een also eng waarm Gromper versichen un aner Leit ofzeschubsen, mä dat bestätegt alt nees eis Theorie, dass d'Regierung onvirbereet war op deem doten Dossier an net seriös Analysë

gemaach huet vun deene Chifferen, déi hir eege Verwaltungen, hir eege Servicer hinne geliwwert hunn.

A wa mer eis Froe stellen iwwert d'Gewerbesteier, muss ee jo parallell d'Fro stellen: Wann d'Gewerbesteier am Joer 2004 en Abroch vu 40% kritt, wéi steet et da mat der Kierperschaftssteier, wou mer wëssen, dass mer do och de Benefiss vun de Betriber besteieren? Mir wëssen, dass mer eng Reform gemaach hunn, fir de Steigerungssaz erofzesetzen, ähnlech wéi dat bei der Gewerbesteier geschitt. Mir missten also deeselwechte Phenomeen, vläicht e bëssche méi staark oder manner staark, 2004 erëmfanne bei der Kollektivitéitssteier.

Ech hätt gär vun der Regierung d'Donnéeën, déi si jo muss hunn. Wa si d'Donnéeë vun der Steierverwaltung fir d'Gewerbesteier huet, muss d'Regierung och d'Aschätzung hu vun der Steierverwaltung, wat d'Kierperschaftssteier fir 2004 ugeet. Mir hätten also gären, dass déi Donnéeën och hei op den Dësch vum Haus kommen, dass mer kënnen diskutéiere wat ass, an dass mer net nëmme bis den Tellerrand kucken, bis Dezember 2003, mä dass mer elo schonn diskutéiere wat 2004, a besonnesch 2005 wäert sinn, well 2005 ass, a mengen Aen, dee kruziale Moment, wou d'Stonn vun der Wourécht kënnt, net elo 2003, mat all deenen Nozuelungen, déi nach kommen, déi d'Regierung elo systematesch zënter September andreiwe léisst. Et gëtt eeschtlech keng Problemer 2002. Et gëtt keng 2003 a wahrscheinlech och keng 2004, mä 2005 geet d'Rechnung net méi op. Si geet fir d'Gemengen elo schonn net méi op. A si geet mat Sécherheet och fir de Stat net op, wann net eppes Fundamentales sech an deem ganze Beräich nach ännert.

Erstaunlech ass eigentlech och, datt souwuel an den Interventioune vun de Regierungsvertrieder d'lescht Woch, wéi och an de Stellungnahme vun de mandatéierte Spriecher eng Fro eigentlech hei kaum ugeschnidde ginn ass. Dat ass d'Entwécklung um Aarbechtsmaart, déi eng dramatesch sozial Realitéit ass, mä déi awer och direkt budgetär Répercussiounen huet.

Och do hunn ech schonn ervirgestrach, dass Lëtzebuerg an eng negativ Entwécklung erakënnt. All Instituter ginn dovunner aus, dass mer fir d'Joer 2002 an der Moyenne eng Aarbechtsloserat vun 3% wäerten hunn. Si rechnen 2003 mat 3,5% a si soen esouguer, och wann et zu enger Reprise d'nächst Joer kënnt an och wa mer kënne mat 2%, 3% Wuesstum iwwert déi nächst Jore rechnen, géif dat net duergoen, fir an iergendenger Form déi da gewuessen Aarbechtslosegkeet ërem kënnen ze absorbéieren. Dat sinn d'Aussoen, déi d'Expäre virun der Finanzkommissioun vun der Chamber gemaach hunn.

Da stellt sech natierlech d'Fro, ob d'Regierung gewappnet ass, och budgetär, fir deen doten Défi wierklech an Ugréff ze huelen. Ech sinn der Meenung, dass, trotz relativ groussen Avoiren am Fonds pour l'emploi, déi Suen, déi elo virgesi si fir 2003, net duerginn, an et besonnesch 2004 wäert och do zu engem Abroch kommen.

Do muss also eng aussergewéinlech Dotatioun spéitstens 2004 kommen, wann dat sech esou astellt, wat de Statec an aner befugte Stëmmen zu där doter Problematik soen. Well dee Fong gëtt dotéiert duerch Einnahmen, déi d'Tendenz hunn ze stagnéieren, sinn awer iwwerschat momentan nach an deem dote Fong. D'Ausgabe wäerte jo och steigen doduerch, dass, no den Aussoe vum Statec, d'Aarbechtslosenzuel sech dëst Joer wéi och d'nächst Joer wäert ëm 10% bis 15% no uewe bewegen. Déi Progressioun ergëtt sech net aus den Donnéeë am Budgetsdokument fir 2003.

Ech kënnt hei weiderfuere mat der Circulaire budgétaire, ech wëll dat awer net maachen. Ech wollt nach just op zwee Punkten zréckkommen, déi sech hei stellen.

Den éischte Punkt ass deen - dat war jo och ërem cocasse dat gëschter hei mat ze erliewen -, dass op där enger Säit d'CSV d'Oppositioun, d'LSAP besonnesch, opfuerdert ze soen, wou se da wëllt an Zukunft spueren. A dann ass se net zefridden, wa mer da Virschléi maachen a soen: Passt op op jorelaang Engagementer zousätzlech deenen Engagementer, déi Der direkt maacht an déi Folgekäschten hunn, dat kënne mir eis net leschten, well mir bréngen et emol knapps fäerdeg all déi Engagementer, déi elo scho bestinn, ze respektéieren. Gitt net hinn a schaaft nach nei zousätzlech Engagementer fir de Stat a fir déi Regierungen, déi no eis kommen.

Mir schwätze konkret vun deem schwéiere militäreschen Equipement: Akaf vum Fliger, Akaf vun engem Deel vun engem Schëff. A mir schwätze vun zousätzlechen Hëllefe fir d'Privatschoulen, wou mer soen, dass dat elo net déi Prioritéite sinn, déi ee muss an dësem Moment setzen.

Dann ass dat gefeelt. Da sinn dat Béierdëschgespréicher an Ähnleches méi. Ech si sécher, wa mer aner Domäner genannt hätten, da wär d'Reaktioun d'selwecht gewiescht.

Et ass e bëssen en duerchsiichtegt Spill, wat hei vun der CSV bedriwwe gëtt, an et ass eng gespillten Entrüstung déi hei gemaach gëtt, wa mir eng gewëssen Oprüstung kritiséieren. Dozou wëll ech och ërem e Wuert soen. Mir sinn net dergéint, dass och d'Ausgabe fir d'Arméi weider an d'Luucht ginn. Selbstverständlech war dat déi lescht Joren esou, wou mir Verantwortung direkt an deem Beräich haten. Dat soll och an Zukunft esou sinn.

Duerfir soen ech hei ganz kloer am Numm vu menger Fraktioun: Mir si fir all Moossnam déi raisonnabel ass an déi enger gewësser Traditioun vun eiser Arméi entsprécht, och dat, an dat war an där Politik, déi all d'Regierungen an deem Domän bis elo gemaach hunn, wat d'Attraktivitéit vum Service militaire eropsetzt. Zum Beispill déi Versementer, déi elo virgesi sinn, fir dräi Pavillonen um Härebierg ze moderniséieren, fanne mir eng ganz richteg Saach. Dat sinn Ausgaben, déi mer kënnen an eisem Militärbudget uweisen. Mä wat, menger Ansicht no, net conforme ass zu deem, wat ëmmer hei e Konsens awer tëschent de Parteie war, ass, dass op eemol elo sollt den Equipementsbudget vun der Arméi vun 1,5 Milliounen Euro am Joer 2002 op 22 Milliounen Euro am Joer 2005 eropgoen, an dat soll bis 2010 a souguer 2013 esou weider goen.

***(Interruptions et hilarité)***

Mir sinn der Meenung, dass déi heiten Investissementer iwwerzu sinn. Et muss een och wëssen, dass d'Arméi guer net Demandeur war, fir déi Investissementer ze tätegen. Si hunn aner Prioritéiten. Fir effektiv d'Ausbildung vun der Friddenstrupp direkt ze maachen, een neie Charroi. Dat huet näischt mat engem Transportfliger ze dinn an huet näischt mat engem Deel vun engem Schëff ze dinn, wat d'Lëtzebuerger Regierung elo wëllt kafen.

Mir sollten eis elo un dat halen, wat ëmmer war. Ech kann net erkennen, soen ech ganz éierlech, dass am NATO-Beräich an deene leschte Joren, wou ech Verantwortung hat, iergendwellechen Drock war, well entgéint deem, wat an anere Länner de Fall war, wou an den nonzéger Jore massiv d'Budgete vun der Arméi gekierzt si ginn, ass de Lëtzebuerger Militärbudget, op bescheidenem Niveau, zwar ëmmerhin nach ëmmer weider gewuess. Mir hunn et fäerdeg bruecht, eng Presenz um Terrain ze weise bei deenen eenzelne Friddensmissiounen, an dat war entscheedend. Wat mech wierklech e bësse stéiert un där heiter Approche ass, dass hei eigentlech dat erëm gemaach gëtt, wat soss ëmmer och vu Regierungssäit kritiséiert gëtt. Hei gëtt Politik mam Scheckheft gemaach.

Mir sinn eis jo eens: Op deem Schëff wäert net d'Lëtzebuerger Arméi sëtzen. Ech mengen och, dass esouguer an deem Fliger net d'Lëtzebuerger Arméi schlussendlech wäert sëtzen. Mä hei gëtt am Fong erëm eng Kéier an der Illusioun weider gelieft, dass mer nach ëmmer bal onbegrenzte Finanzmëttelen an deenen nächste Joren zur Verfügung hätten. Mir hunn also Engagementer an där doter Hinsicht, a mir mengen, mir kënnte mat engem décke Scheck eis aus eisen Obligatioune par rapport zu de Bündnispartner a par rapport zu den europäesche Partner am militäresche Beräich fräikafen.

Ech sinn der Meenung, dass Lëtzebuerg genuch mécht, och am Beräich vun der preventiver Krisebewältegung. Mir sinn houfreg drop, dass hei e Konsens bestanen huet, fir d'Entwécklungshëllef no an no eropzesetzen. Dat nächst Zil ass jo, datt mir deen 1% vum PIB an deenen nächste Joren erreechen. Dat sinn och Suen, déi der Krisebewältegung dingen, well mer d'Aarmutt ofbauen, well mer doriwwer Konflikter kënne verhënneren, an dat mussen och eis Partner akzeptéieren.

Et däerf een net nëmmen deen enke Militärbudget kucken, deen ëmmer war iwwer 30 Joer. Et ass gaangen. Mir mussen awer och derniewent kucken, wat mer am Beräich Entwécklungshëllef, am Beräich vun der preventiver Krisebewältegung maachen, Dat schéngt mer och schrecklech wichteg ze sinn.

E Wuert och nach zum Ëmweltschutz, deen am Budget net dee groussen Akzent ass, mä deen awer en Akzent ass. An dat ass bemierkenswäert am Rapporteur sengem Bericht, obwuel mer net d'Geleeënheet haten déi dote Froen an der Kommissioun ze diskutéieren. Dat si Particularitéite vun de Prozeduren, wéi se sech agebiergert hunn an dësem Haus. Et ass zwar, muss ech éierlech soen, net ganz glécklech.

Et mécht mech frou u sech, dass d'Thema ugeschnidde gëtt vun internationalen Engagementer, vum Kyotoprotokoll, wéi mer wëllen als Lëtzebuerg eisen Obligatiounen nokommen am Beräich Klimaschutz. Mä wat mir awer ze denke gëtt, dat ass déi Insistance mat där elo vu Koalitiounssäit, och iwwert de Wee vum President vun der Ëmweltkommissioun, hei insistéiert gëtt op déi sougenannte flexibel Mécanismen, flexibel Mécanismen, déi jo drop aussinn, dass een net hei am Land eppes direkt mécht, mä dass een op anere Plaze mathëlleft eng Reduzéierung vun den Emissiounen ze kréien.

***(Interruption)***

Voilà, Dir gitt mer dat richtegt Stéchwuert!

Et ass eng aner Form vu Scheckheftpolitik, déi hei gemaach gëtt.

Et ass no an no en Ofbroch vun där Positioun, déi nach am Ufank vun dëser Legislatur hei bestanen huet, déi och dokumentéiert ass duerch Motioune vun dëser Chamber, wou gesot ginn ass, de Gros vun de Moossname musse mer hei am Land maachen. Mir kënnen net de Problem ofwälzen op anerer, och net einfach mat Sue probéieren e lasszeginn.

Abee, ech stelle fest, dass déi Nuancen ëmmer manner kommen, an dass just nach vu Moossnamen am Ausland geschwat gëtt. Dobäi wëll ech nach eng Kéier hei soen, dass mer e Reduzéierungszil hu vun 28% am Horizont 2010 an dass mer elo bei iwwer minus 30% hei zu Lëtzerbuerg leien, sou dass mer eigentlech nach e Stabilitéitszil ze halen hu vun dësem Moment u gekuckt. Ech wëll soen, dass och déi Wirtschaftsprognosen e bëssen anescht ausgesinn, wéi se nach virun zwee Joer ausgesinn hunn, an ech fäerten also hei, dass hei e bëssen eng Flucht gemaach gëtt a Moosnamen am Ausland, well ee fäert, fir hei zu Lëtzebuerg déi richteg Moosnamen ze huelen.

Dat kënne mir als Partei net akzeptéieren, dat ass een Ofrécken vun där Positioun, wou ech gemengt hunn, dass mer se hei an der Chamber an deene leschte Jore fest zementéiert haten. Dofir bedaueren ech dat doten, well wann een déi Problematik do ervir sträicht, da muss ee mir och soen, wou dann déi grouss Akzenter, déi nei Akzenter vun der nationaler Klimaschutzpolitik an deem Budget 2003 sinn?

Dat si flott Iddien, déi hei virgeluecht ginn an ech kann net erkennen, wat bis elo zu Lëtzebuerg gelaf ass an Hinsicht op en anere Volet vun dem Kyoto-Protokoll, wou sech d'europäesch Ministere gëeenegt hu virun e puer Deeg, wat den Handel mat $CO_2$-Emissiounsrechter ugeet. An anere Länner gi konkret mat Betriber um Terrain zënter e puer Jore schonn Essaien duerchgefouert, wéi deen Handel mat den Emissiounsrechter ka fonctionnéieren. Zu Lëtzebuerg, menges Wëssens, näischt op deem dote Plang. Mir waarden also erëm eng Kéier bis Texter do sinn, dann erkenne mer de Problem. Da probéiere mer iergendwéi domadder eens ze ginn. Dat ass keng nohalteg Politik. Da doten ass navigation à vue och op deem dote Punkt.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll zum Schluss vu mengen Ausféierungen hei kommen. Gëschter, pardon, d'lescht Joer sot den Här Wiseler, Rapporteur deemools, dass de Budget soll en Dokument vun der Wourecht sinn. Ech mengen och, d'Budgetsdebatte sollten e Moment vun der Wourecht sinn, an ech mengen, dass dat nach wie vor nëmme bedéngt de Fall ass. Och wann d'Tounlag allgemeng sech geännert huet a vun där Euphorie, déi sech nach deelweis d'lescht Joer hei breet gemaach huet, räichlech wéineg iwwreg bliwwen ass, notamment op de Bänke vun de Koalitiounsparteien. Ech sinn der Meenung, dass d'Regierung net professionell gehandelt huet iwwert déi lescht Méint.

Zwee laang Méint, wou se hin an hier gefuer ass, wou se sech net konnt entscheeden, ob se géif eppes maachen oder ob se nach eng Kéier géif, wéi d'lescht Joer, de Problem aussëtzen. Dat ass net gutt. Si ass an der Tëschenzäit awer op eng relativ drastesch Aart a Weis vun der Realitéit ageholl ginn. Si klammert sech och elo un 2003 an un d'Hoffnung, dass et zu enger Reprise an der zweeter Hallschent vun 2003 kënnt.

Mä ech soen, och wann et zur där Reprise kënnt, dass d'Effeten sech da réischt méi spéit wäerten hei zu Lëtzebuerg bemierkbar maachen, wéi mer bis elo eigentlech mat engem gewëssene Retard réischt déi negativ Tendenzen zu Lëtzebuerg ze spiere kritt hunn, an de Problem, ech betounen et nach eng Kéier, ass net esou séier de Budget 2003, och emol net 2004. Ech maache mer grouss Suergen, wéi mer 2005 do stinn.

Dat ass also de kruziale Moment an ech hat gäre gehat, wa mer wierklech d'Wourecht wëllen hei erfannen, wa mer wierklech mat klorem Kapp a mat roueger Hand wëllen un déi nächst Joren erugoen an net erëm alles am leschte Moment iergendwéi probéieren ze maachen, dass mer also missten hei méi iwwert den Horizont 2005 schwätzen, kucke wat dann ass, kucke wat dann nach an de Fongen ass, wat fir eng Méiglechkeeten dann nach sinn, wat do nach vun Einnahmen dran ass an dann deementspriechend och handelen.

Ech fäerten, dass d'Regierung nach ëmmer net richteg wëllt erkennen, wat lass ass. Dat geet och aus hirem Internet-Site ervir. Et ass erschreckend a gläichzäiteg, mengen ech, symptomatesch fir d'Haltung vun dëser Regierung, dass am Zäitalter vun eLëtzebuerg, wann een um Regierungsite no wirtschaftlechen Donnéeë kucke geet, eng total vereelsten Etüd vun der OCDE fënnt, déi nach mat de Rekordjoren 1999 an 2000 sech bretzt an déi d'Realitéit net erëmspigelt. Ech mengen, dat bestätegt och, dass d'Regierung wierklech vun den Ereignisser iwwerrullt ginn ass.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Ady Jung géif lech gär eng Fro stellen, Här Bodry.

***(Assentiment)***

M. Ady Jung *(CSV)*.- Här President, den Här Bodry huet déi Lëtzebuerger Participatioun un deem Versuergungsschëff, respektiv um Fliger, dee mat der Belsch soll ugeschafe ginn, ervirgestrach. Ech wëll nëmme soen, bei mengen Aktivitéiten am Benelux-Parlament ass ganz belobegend ervirgestrach ginn, datt an der Zäit den Här Bodry als Arméiminister de Belsch ganz generéis op deem Plang entgéint komm wier. Wann den Här Bodry elo kritiséiert, wat hien deemools zougesot huet,…

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Oh wat e Quatsch!

M. Ady Jung *(CSV)*.- …a freet, datt den DP-Arméiminister soll e Rückzieher maachen,…

***(Interruption)***

Här Bodry, Dir sidd ganz vill gelueft ginn an der Zäit dofir.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Neen, et deet mer Leed. Dir leit komplett falsch.

Här Jung, ech kann Är Ligen hei nëmmen drop zréckféieren, dass…

***(Interruptions)***

Ah jo, wann een hei eppes iwwer mech seet, wat net stëmmt, dann ass dee fir mech e Ligner. An ech behaapten, den Här Jung ass e Ligner. Sou laang hie mir net beweist, dass déi intenabel Affirmatiounen, déi en hei gemaach huet, stëmmen, bleift hie fir mech e Ligner an ech wäert e vun elo un e Ligner nennen.

Ech soen lech merci.

M. Ady Jung *(CSV)*.- Här Bodry, dat wat ech elo gesot hunn, dat kënnt net vu mir. Dat sinn déi belsch Verantwortlech vun der Arméi, déi lech däitlech gelueft hunn a mir merci gesot hu fir dee Lëtzebuerger Arméiminister, deen hinnen esou generéis entgéintkomm ass.

M. le Président.- D'Belsch hate bestëmmt net an Uecht geholl, dass e Wiessel an der Lescht hei stattfonnt huet.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Voilà, voilà.

***(Hilarité)***

Ech mengen, den Här President huet déi richteg Äntwert ginn.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Ech mengen, mir fueren elo viru mat eisem Ordre du jour. Als nächst Riedner in ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Budgetsrapporteur, dem Calmesse Mill, merci soe fir déi Analys, déi hien - menger Meenung no ass et eng gutt Analys - vun der Situatioun gemaach huet, a fir säin detailléierte schréftlechen a mëndleche Rapport.

Mat Zouversiicht an d'Zukunft kucken, ass d'Reaktioun vum Budgetsrapporteur op déi momentan ekonomesch Situatioun. Et ass d'Devise vun dëser Regierung an et ass méi speziell d'Devise vun der Educatiounsministesch. D'Bildungsoffensiv huet näischt vun hirer ufänglecher Dynamik verluer. D'Bildungsoffensiv steet haut wéi gëschter am Zeeche vum Kampf géint de schoulesche Mësserfolleg a fir Integratioun vun alle Kanner. Ob staark oder schwaach Schüler, ob Lëtzebuerger oder auslännesch Kanner, eise Schoulsystem iwwerhëlt seng Veranwortung, fir hinnen all déi bestméiglechst Chancen an eisem Schoulsystem ze garantéieren.

De Budget 2003 léisst keen Zweifel opkommen, dass d'Politik vum Educatiounsministère erëm déi Linn verfollegt, déi zënter dräi Joer gëllt: De Schüler op alle Pläng a puncto Infrastrukturen, Léierpersonal, Programmer a Léiermethoden déi beschte Méiglechkeeten ze bidden, fir hire schouleschen Erfolleg ze sécheren an hir berufflech Zukunft virzebereeden.

Ouni wëllen der PISA-Debatt virzegräifen, wëll ech just soen, dass d'PISA-Etüd dräi sou genannt Contreperformancë vum Lëtzebuerger Schoulsystem ervirgestrach huet. Éischtens, d'Schüler hu Schwieregkeeten hiert Wësse praktesch unzewenden. Zweetens, et besteet eng grouss sozial Inéquitéit. An drëttens, vill ze vill Schüler erreechen net emol de minimale Seuil des compétences. D'Tatsaache sinn do. Si brauchen net verschéinert an och net verschlechtert ze ginn. Ouni d'Gravitéit vun der Situatioun ze verkennen, musse mir trotzdeem éierlech mat eis selwer bleiwen: D'PISA-Etüd huet keng Wourechten dévoiléiert, déi net schonns bekannt waren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Reformen hate well virun de PISA-Resultater ugefaangen. Am Budget 2003 spigelt sech eng Bildungspolitik fir eng équitabel, responsabel a performant Schoul erëm, eng Bildungspolitik déi sech op verschidden Haaptaxe baséiert a mat de Schüler e gesamte Kader als Viraussetzung fir eng schoulesch Réussite bitt. Ouni dass ech hei kann op all Detailer agoen, wëll ech e puer Mesuren eraussträichen.

A puncto Recrutement vun Enseignantë wëll ech ënnersträichen, dass am Enseignement secondaire d'Regierung e Plan de recrutement quinquennal festgehalen huet, dee vun der Commission permanente ausgeschafft ginn ass. An dësem Plang ass virgesinn, dass pro Joer 170 bis 190 nei Poste bis 2006-2007 geschafe ginn. Fir déi nächst fënnef Joer solle ronn 900 Kanditaten zum Stage zougelooss ginn. Eng Décisioun, déi méi wéi luewenswäert ass, eleng wann een d'Evolutioun vun der Schülerzuel gesäit, déi mat sech bréngt, dass mer 65 zousätzlech Poste pro Joer brauchen.

Dobäi kënnt, dass duerch d'Aféierung vun enger zweeter Sessioun vum Examen-concours d'Zuel vun de Kandidaten, déi zum Stage pédagogique zougelooss ginn, substanziell eropklamme wäert. Sou sinn dëst Joer nach 15 Posten onbesat bliwwen, déi Jore virdru waren et der 34, respektiv 28. Mam Astellen eleng vu Léierpersonal ass et net gedunn. Eng zolidd Basisformatioun, mä och eng gutt Formation continue ass noutwenneg, fir dass d'Léierpersonal hir pedagogesch Kenntnisser an den Déngscht vun eise Kanner setze kann. De Budget 2003 huet de Kredit fir déi vergréissert Offer u Formation continue festgeschriwwen.

Et ass selbstverständlech, dass wann d'Schülerzuel eropgeet, déi Infrastrukturen, déi mir hunn, musse verbessert, ausgebessert a souguer erneiert ginn.

Ech wëllt ee Punkt eraussträichen, wou eleng de Schoulministère Kompetenzen huet; an zwar sinn dat d'Schoulbibliothéiken. Dëse Kredit ass op 230.000 Euro erop gesat ginn, an et ass un eise Schoulen, fir dëse Posten, dann och deementspriechend ze notzen.

A puncto Infrastrukturen à l'état pur, wëll ech nach eng Kéier dorun erënneren, dass de Plan directeur sectoriel „lycées" säin Deel dozou bäidréit, fir weider zousätzlech Schoulgebaier ze schafen. Nieft deene sëlleche Modernisatiounen a Vergréisserungen vun de bestehende Gebaier an dem Bau vum Mamer Lycée technique, kritt och de Péitenger Lycée een neit Gebai. Zu Réiden, zu Jonglënster an op de Frichen am Süden entstinn ebenfalls nei Lycéeën. D'Zuele vum Budget 2003 ënnersträichen dës Politik.

De Fonds d'investissement public scolaire weist eng substanziell Augmentatioun op, an zwar geet e vun 69.500.000 Euro op 102.833.000 Euro erop. Ech sinn iwwerzeegt, dass mat der Zesummenaarbecht vum Ministère des Travaux publics de standardiséierte Konstruktiounsplang säi Versprieche wäert halen an deen Délai, dee mer alleguer esou kritiséieren, vum Plang bis zum Bau vun engem neie Schoulgebai wäert verkierzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Schoul vum Erfolleg, déi baut natierlech op op e Qualitéitsenseignement, an deen Enseignement, dee verlaangt awer net nëmme Mesuren, déi finanziell zu Buch schloen, mä och Mesuren, déi sech éischter an de Käpp an an der Mentalitéit erëmfannen. An deem Sënn wëll ech der Éducatiounsministesch fir déi Mesuren félicitéieren, déi an hirem Zesummespill näischt méi Elementares, Wichteges verkierperen, wéi eng équitabel Prise en charge vun alle Schüler.

D'Erfahrung vu ville Joren huet zum Beispill bewisen, dass d'Schüler am Primairer, nach laang net alleguer deeselwechte Léierrhythmus hunn. Mat de Cycles d'apprentissage ass et eis haut méiglech, op individuell Schwächte mä awer och op d'Stärkte vun deenen eenzelne Kanner anzegoen. Den Éducatiounsministère leet ganz bewosst e verstärkten Akzent op déi éischt Joren, déi d'Kanner an der Schoul verbréngen, well et sinn dës Joren, déi all ze oft iwwert de spéidere schouleschen Erfolleg oder Mësserfolleg entscheeden.

Déi bescht méiglechst Virbereedung op de Secondaire, oder de Secondaire technique, sou wéi dat spéidert Beruffsliewen, fänkt ouni Zweifel an der Primärschoul un. D'Aufgab vun der Schoul begrenzt sech natierlech net nëmme stuer op de Klassesall. Nieft den Hausaufgabe sinn och d'Cours d'appui oder aner Encadrementsmesure wichteg, fir deene Kanner, déi Schwieregkeeten hunn, ze hëllefen.

Am Enseignement primaire falen d'Structures d'accueil ënnert d'Gemengekompetenz a gi vum Famillejeministère géréiert. De Bildungsministère dréit allerdéngs och säin Deel u Verantwortung. Aus deem Grond hunn ech d'Kritik vun der LSAP - déi ewéi esou oft oppen Dieren arennt - an dem Steeseler Appel net ganz verstanen, wou se vu Betreuungsstrukturen ausserhalb der Schoul schwätzen, vu dass den Éducatiounsministère engersäits de Gemenge mat 550.000 Euro ënnert d'Äerm gräift, fir zum Beispill Hausaufgabenhëllef unzebidden, an op där anerer Säit de Familljeministère nëmmen drop waart, dass d'Gemengen mat Structures d'accueilsprojete solle kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Lëscht vun all deene Mesuren a Servicer, déi am Déngscht vun de Kanner stinn, ass laang. Ech erënneren zum Beispill och un d'Gesetz iwwert d'Schafe vu regionale Büroen, wou d'Inspekteren hir pädagogesch Missioun verdéiwe kënnen, an d'Elteren an d'Gemengen den direkte Kontakt zum respektive Inspekter fanne kënnen. Déi néideg budgetär Moyene sinn an dem Budget 2003 virgesinn.

Och am Beräich vun der Education différenciée ass et begréissenswäert, dass déi héich Kreditter vum viregte Joer fir dëse Budget bäibehale gi sinn. Et handelt sech ëmmerhin ëm eng Zomm vun 30 Milliounen Euro, déi d'Regierung hei investéiert, fir deene Kanner mat ganz besonnesche schoulesche Schwieregkeeten ze hëllefen.

Et feelt mer un der Zäit, fir all eenzel Reform opzezielen, mä eppes steet awer fest, d'Bildungsministesch huet net nëmmen neien Elan an de Schoulsystem bruecht an do reforméiert, wou et dringend noutwendeg war, mä si huet och d'Leit um Terrain motivéiert kritt, fir dass si mat deem néidegen Engagement eise Schoulsystem nees op Trab bréngen.

Ech géing mir wënschen, dass dës éierlech a gezielte Motivatioun net nëmmen op Regierungsniveau ze spiere wier, mä och op parlamentarescher Säit. Bei eise sozialistesche Kolleegen hunn ech do sou meng Zweifel. Kritik a Kritik ass zweeërlee. Sech, zum Beispill an der Press, iwwert d'Education différenciée ausloossen, dat ass eng Saach, mä fir dann awer net emol do ze sinn - ausser den Här Scheuer zu Iechternach -, wa mer als Educatiounskommissioun op den Terrain ginn an eis d'Strukturen zu Esch an zu Iechternach ukucken, dat ass eng ganz aner Saach. Ech fannen et onverantwortlech fir op déi doten Aart a Weis wëlle Politik ze bedreiwen.

Plusieurs voix.- Très bien.

Mme Agny Durdu *(DP)*.- Dee schlechte politesche Stil vun der LSAP hat awer nach op anere Plaze säin Néierschlag fonnt, wéi ewell gëschter vum Jean-Paul Rippinger ënnerstrach ginn ass.

***(Interruption)***

Neen, neen, neen.

Une voix.- Ah, huet Dir een aneren.

Mme Agny Durdu *(DP)*.- Ech hunn een aneren.

***(Hilarité)***

Mä ech soen awer dat, wat och meng Iwwerzeegung wor, a wat ech jo selwer an der Kommissioun erliewen.

D'Orientéierungsdebatt iwwer PISA, déi huet anscheinend d'LSAP ugefrot. Ech weess bis ewell nëmmen, dass déi Gréng dës Debatt ugefrot hunn. A weder an der Orientéierungsdebatt iwwert d'Integratioun an der Schoul, nach am Virfeld vun der PISA-Debatt huet d'LSAP op eis Opfuerderung an der Educatiounskommissioun Propositiounen eragereecht. Déi Gréng hunn dat gemaach.

Et ass Schued, dass, wou sech de Koalitiounspartner CSV nach viru kuerzem fir DP-Bildungsoffensiv ausgesprach huet, ausschliesslech d'LSAP probéiert weiderhi krampfhaft eng negativ Politik ze bedreiwen a, menger Meenung no, virun allem op Nieweschauplaze sech betätegt.

Wou wor d'LSAP während 15 Joer Regierungsbedeelegung? Gëschter ass hei vun öffentlechen Internater geschwat ginn. Dir hat de Bauteministère. Wou sinn dann déi öffentlech Internater, wou Dir elo op eemol der Meenung sidd, dass déi esou wichteg sinn? Dës Regierung, déi huet hir Verantwortung elo do ewell iwwerholl. Bei deem Réidener Lycée ass een öffentlecht Internat virgesinn.

***(Interruption)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dësem klengen Exkurs, géif ech zum Schluss awer nach e puer méi positiv Punkte wëllen opzielen, déi de Budget 2003 am Beräich vum Sport virzeweisen huet.

Den aachte Fënnefjoresplang bréngt eis Majoratioune vu 85% am Departement vum Sport fir all déi sëllechen Améliorationen a Renovatiounen, déi an deene bestoenden Infrastrukturen oder an neien Infrastrukture musse gemaach ginn.

Insgesamt bleift festzestellen, dass de Sportsministère seng Bereetschaft fir den Elitesport däitlech ënner Beweis gestallt huet. D'Federatioune kréien déi néideg Gelder fir Sportler intensiv op d'Olympiade virzebereeden. Mä och um Niveau vum Schoulsport an dem Sport périscolaire steigert de Ministère seng Ënnerstëtzung op 195.500 Euro.

De Sport tout court huet eng fest integréiert Plaz an eiser heiteger Gesellschaft. En dréit zu enger verbesserter Liewensqualitéit an enger besserer Gesondheet bäi. D'Gemenge woussten dësen Engagement ze schätzen. D'Regierung gëtt hirer Missioun an dësem Sënn gerecht. Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass hei oft ugeklongen, speziell vu Säite vun der Regierung an de Majoritéitsparteien, datt d'Reserve vum Stat grouss wären, datt mer där vill hätten an datt doduerch alles fir déi nächst Joren ofgeséchert wier. Ech well awer soen, dass, wann ee sech déi Donnéeën e bësse méi genee ukuckt, een awer och do muss e puer Reserve maachen, notamment wann ee kuckt, wéi den Trésorminister dës Suen, déi mer als Reservefongen hunn, ugeluegt huet. Een Deel vun de Sue läit um Compte courant, en zweeten Deel läit um Spuerbuch an en drëtten Deel ass ugeluegt an Obligatiounen.

Mat deenen Investitiounen hu mer keng Problemer, mä den Trésorsminister ass och higaangen an huet 630 Milliounen Euro an 9 Tranchë vu 70 Milliounen, dat heescht 282 Milliounen al Frange pro Tranche, a sougenannt EMTN, European medium-term-notes bei der Spuerkeess investéiert.

Déi EMTN sinn e ganzt sophistiquéiert Instrument, wat just nëmme geduecht ass, fir institutionell Investisseuren, déi eng gewësse Spekulatioun maachen, sech eng gewësse Plus-value erhoffen, andeems se op d'Bourse ginn.

Ech wëll versichen an e puer Wierder ze soen, wat hei geschitt ass. Déi European medium-term notes garantéiere jee no Tranche 1 bis 1,5% Revenu oder e Prozentsaz vu Revenu aus dem Fonds de rendement vun deenen Titren, dat heescht Dividende mat Zënsen, déi do ufalen.

Wann dat Resultat méi héich ass wéi 1,5%, da gëtt tëschent der Bank an dem Stat gedeelt. Si garantéieren och, datt de Stat seng initial Mise rembourséiert kritt, awer nure bei der Fällegkeet vun enger Tranche, dat heescht op deem Datum, deen dofir virgesinn ass. All Tranche vu 70 Milliounen Euro huet eng Festlafzäit vun e puer Joer. D'Tranchë gi fälleg, esou wéi den Investitiounsplang dat virgesäit. Déi éischt 2003, an, „man höre und staune", déi lescht am Joer 2011. De Remboursement vun dem initiale Verméigen ass awer nëmme garantéiert, wann eng Tranche net virdru muss verkaaft ginn, well een d'Sue brauch. Dat ass e ganz wichtege Punkt, well wann eng Tranche verkaaft gëtt, da gëllt natierlech den heiteje Wäert. Ech wäert nach dorobber zréckkommen.

Banktechnesch gëtt d'Garantie vun dem Remboursement a vun de Revenuen erreecht duerch e Contrat SWAP mat engem Contrat de rachat. Dat sinn déi Donnéeën, déi ee muss kennen, wat d'Garantien ugeet. Wat d'Hoffnungen an d'Risikoen ugeet, dat ergëtt sech aus der Investitiounspolitik an aus dem effektive Revenu. Déi néng Tranchë vun 70 Milliounen Euro sinn a verschidden Titren, déi op der Bourse kotéiert sinn, investéiert. All Tranche huet eng aner Investitiounspolitik, all Tranche ass haaptsächlech un d'Performancen ugelehnt, mä net exklusiv, vum Dow Jones an Eurostocks 50.

De Stat profitéiert awer nëmmen deelweis vun de positive Performancen an zwar jee no Tranche am Prozentsaz tëschent 26 a 86%. Nu weess awer jiddereen, datt d'Bourse-Indexen, notamment den Eurostocks, kräfteg no ënne gezunn hunn, an zwar ëm 35%. Am Kloren ausgedréckt: Onsen Trésorminister spekuléiert mat eise Steiergelder op der Performance vum Aktiëmaart.

Esou wäit déi essentiell Donnéeën. Wann een esou eppes behaapt, muss een et natierlech och beweise kënnen a Fakten ufeiere kënnen. Do wëll ech zum Beispill d'Donnéeën huele vum Revenu.

Wann een déi 630 Milliounen op d'Spuerbuch géif setzen, oder op e Compte à terme, dann hätt een e Rendement krut vun 3,38%. Déi 630 Milliounen sinn awer an EMTN ugeluegt ginn, an déi hunn nëmmen 2,3% un Zënsen abruecht. An Zuelen ausgedréckt hunn d'EMTN 14,4 Milliounen abruecht. Wann de Minister se op d'Spuerbuch gesat hätt en 28,3 Milliounen Euro kritt. Manque à gagner: 13,9 Milliounen Euro oder 561 Millioune Frang. Resultat: De Stat huet 13,9 Milliounen Euro oder 561 Millioune Frang tëschent Mäerz 2001 a Mäerz 2002 verluer, an huet bis Enn dëses Joers ronn 1 Milliard al Frangen un Zënse verluer. An dat geet leider och vläicht nach e puer Joer esou weider. Dëst ass eng Tatsaach, déi sech net ewech leegne léisst. D'Cour des Comptes huet déi Zuele ganz kloer gesot. Déi sti fest. Och den Direkter vun der Lëtzebuerger Zentralbank huet hei monéiert, datt risikoräich investéiert ginn ass.

Fest steet eendäiteg, datt bis haut d'Land duerch déi Politik kräfteg Sue verléiert. Wann een 1 Milliard an annerhalleft Joer un Zënse verléiert, da muss ee se iwwer ee Mehrwäert bei den Titren an den Eurostocks erëmkréien. Deem ass awer elo net esou, an et schéngt, datt et bis zur nächster Tranche och net esou wäert sinn.

Wann déi eenzel Tranchë vun 2003 u rembourséiert ginn, gëtt d'Perte méi kleng. Mä de Risiko besteet, datt insgesamt e puer honnert Millioune Frang un Euro net kënne gebucht ginn. Tranchë vun 70 Millioune ginn all Joer fälleg. Eng éischt am Joer 2003, déi lescht, wéi gesot, am Joer 2011. Wann de Stat dringend Sue bräicht, a mir sinn jo an der Hypothese hei dran, wa keng zousätzlech Plus-Value kommen, an et misst eng Tranche vun 70 Milliounen Euro verkaaft ginn, da géing de Stat haut ronn 25% Milliounen Euro verléieren oder 1 Milliard. Wann ee se alleguerte misst verkafen, 9 Milliarden.

Do dertëschent läit de Risiko. Wann all Joer eng Tranche rembourséiert gëtt, gëtt de Risiko méi

kleng. Wa mir eng Kéier musse verkafen, lafe mir e ganz schwéiere Risiko, a wa mer deen net droe wëllen, da musse mer op de Maart léine goen, fir dat heite kënnen deelweis opzefänken.

D'Réserve budgétaire an d'Spezialfongen erlaben Investitiounen ze finanzéiere bis 2005. Dann ass kee Su méi do. D'Sue sinn ugeluegt bis 2011. Dir gesitt selwer, datt hei de Risiko ganz reell ass. Spekuléieren mécht een, wann ee seng Suen net op d'Spuerbuch setzt oder a sécher Obligatiounen uleet, mä wann ee seng Suen op der Bourse investéiert an hofft, datt een doduerch ee vill méi grousse Rendement kritt. Mä wann een hofft, méi ee grousse Rendement ze kréien, geet een och méi ee grousse Risiko an.

Mir hu keen Trésorminister, mä e Spekulatiounsminister, dee mat mëttelfristeg bebrauchte Gelder op d'Bourse spille geet. Ech mengen, dat ass déi falsch Politik, a wann ech elo net ka mat méi prezisen Zuelen déngen, dann huet dat eng Explikatioun, well een net ka wëssen, wéi d'Bourse évoluéiert. Par contre, wann d'Geld um Spuerbuch wär, da kënnt ee mat prezisen Zuelen déngen.

An datt spekuléiert gouf, dat ergëtt sech och aus dem Descriptif, dee vun der Bank bei ähnlechen Investitiounen un d'privat Clientë verdeelt gëtt. Ech erlabe mir dat virzeliesen: „Des pertes de valeur ne peuvent pas être exclues, et ne peuvent entraîner aucune responsabilité de la banque. Les rendements futurs dépendent primordialement des développements des marchés financiers".

Mir fuerderen, datt de Spekulatiounsminister sech an d'Finanzkommissioun oder an d'Commission du Contrôle budgétaire rechtfertege kënnt, an datt hien der Chamber all Mount Opklärung gëtt, wéi d'Trésorerie évoluéiert. Ech verweisen och op eis Motioun an deem Sënn. Mir verlaange weider, datt keng Investitioune méi getätegt ginn an EMTN oder ähnlech riskant Investitiounen.

Ee Wuert nach an deem Kontext, zu engem Punkt deen och an der Aktualitéit steet, dee vum Secret bancaire. Ech wëll direkt soen, datt den ADR hannert der Regierung steet, wann et heescht, vu sengem Vetorecht Gebrauch maachen an d'Intérête vu Lëtzebuerg ze verteidegen. Ech wëll awer och drun erënneren, datt mir permanent gesot hunn, datt déi Politik déi d'Regierung ugaangen ass, ënnert dem viregte Budgetsminister, dem Här Fischbach, an och nach méi schlëmm zénter Feira, eng schlecht Politik war, datt ee sech do an eng Stratégie de défense eraginn huet, an datt et falsch war op dee Wee ze goen an déi Politik anzeschloen, déi d'Regierung gemaach huet. Dat ass dat, wéi no Feira an allen Zeitunge stong, datt Lëtzebuerg géing d'Bankgeheimnis opginn. Dee Message war ukomm, zënterhier komme bal keng nei Clientë méi op eis Banken.

Ech wënschen awer datt d'Regierung hei ferm bleift a sech duerchsetze kann. An ech wollt nach eng Kéier eisen Appui dokumentéieren.

Drëtte Punkt: d'Mëttelstandspolitik. D'Regierung huet den 2. Februar 1999 en Aktiounsplang fir de Mëttelstand ugeholl a bekannt ginn, e wichtegt Dokument, mä et huet een d'Impressioun, datt de Mëttelstandsminister net genau wousst, wat e soll domadder maachen, do huet e sech emol drop gesat. Zënterhier, an ech si frou, Här Minister, datt Der haut hei sidd, den Zoufall wëllt dat dat sécher esou, dofir kënne mer dat och à vive voix diskutéieren, ass op deem Gebitt net vill geschitt.

De Règlement grand-ducal, deen d'artisanal Beruffer definéiert, gëtt net periodesch à jour gesat. D'Regierung dreift d'Suen, déi de Stat ze gutt huet, ëmmer méi séier an, mä si verpasst awer deeselwechten Ableck, fir och méi séier auszebezuelen. Au contraire, bewosst ginn den Entreprisen hir Sue virenthalen, fir Trésorieschwieregkeeten ze évitéieren, an da gëtt ëmmer méi spéit an ëmmer méi spéit bezuelt. Déi Donnéeën, déi mer an der Finanzkommissioun kritt hunn, weise ganz kloer, datt et esou ass.

De Centre de formalité besteet net. D'Reform vum Gesetz iwwert d'Schwaarzaarbecht ass net realiséiert. D'Reform vum Faillitëgesetz ass net realiséiert. D'Transpositioun vun der Directiv „détachement" ass net realiséiert.

***(Interruption)***

Ech soe just nëmmen dat, wat haut ass.

D'Problemer fir d'Schafe vu lokale Décharge fir de Bauschutt sinn net geléist. D'Handwierkerkammer bedauert hirersäits an hirem ganz gudden Avis zum Budget, datt am Développement durable keng Linn ze erkennen ass, an datt nëmme gepiddelt gëtt. Et muss een och bedaueren, datt beim Taux de bonification d'impôt fir Investissementer déi Ausweitung, notamment vun deem Investitiounskredit, net gemaach ginn ass. D'Base d'assiette ass net élargéiert ginn.

Mir hätte gären, datt d'Regierung higeet an d'Software, zum Beispill, mat an déi Bonifikatioun eran zitt, egal wéi se elo ugeluecht ginn, iwwert d'Realisatioun vun engem Informatiksdepartement, iwwert d'Kafe vu Software an de Geschäfter oder iwwert d'Sous-traitance vun engem Deel vum Développement vun der Informatik. Mir hätten och gären, datt d'Recherche an den Développement steierlech besser ënnerstëtzt ginn, an datt mir bei den Investitiounen à caractère écologique den Artikel 5 vum Artikel 32bis suppriméieren. D'Steierverwaltung soll eng prezis Lëscht ugi vun deenen Investitiounen, déi dovunner kënne bénéficiéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dat waren déi puer Remarken, déi ech an där Zäit, déi mir zur Verfügung stong, wollt maachen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech huelen un, datt den Här Juncker spéitstens 2004 an d'Häll geet, well d'lescht Joer ëm dës Zäit huet hie mir op meng Kriticke géint Erofsetze vum Taux vun der Gewerbesteier Folgendes geäntwert: „Et geet och dës Kéier net bei der Däiwel, a wann et bei der Däiwel geet, Här Gira, da gi mir zesummen an d'Häll."

Abee, Här President, ech sinn der Meenung, datt et spéitstens 2004 bei ville Gemengen bei der Däiwel geet, well wann eng Steier, déi en Drëttel vun de Revenuen ausmécht, ëm 40% erofgeet, da muss et bei der Däiwel goen. Ech wëll dem Här Juncker awer soen, datt ech net wëlles hu mat him an d'Häll ze goen 2004, well ech hu mir nämlech näischt virzewerfen an deem doten Dossier.

Ech hunn am Numm vun deene Gréngen bei deene verschiddenen Attacken op d'Gemengefinanzen am Allgemengen, an op d'Gewerbesteier am Speziellen virun den dramatesche Konsequenze vun deene Mesure gewarnt. Haut sti mir do, wéi d'Kand beim Dreck. Et war kloer virauszegesinn, et ass scho sécher, datt d'Finanzkapassitéit vun de Gemengen enorm ageschränkt, wann net op null erofgesat wäert ginn. Et kënnt nach vill méi schlëmm, wéi ech perséinlech geduecht hat. Mir riskéieren, datt Finanzkapassitéit op null am Joer 2004 wäert sinn.

Elo kann een d'Fro stellen, an et muss een d'Fro stellen: Firwat ass dann d'Répercussioun vun dësem Sickerbrand oder vun dësem Schnapp, wéi gewësse Leit et duerstellen, bei de Gemengen méi séier a vill méi dramatesch, wéi beim Stat selwer?

Ech gesinn do virun allem dräi Ursaachen. Éischtens, treffe bei der Gewerbesteier de wirtschaftlechen Abroch an d'Auswirkunge vun där leschter Reform, mä och d'Auswirkunge vun deene Reforme virdrun, voll zum selwechte Moment openeen. Zweetens, hunn d'Gemengen, mat ganz wéinegen Ausnahmen, keng Reserven. An drëttens, ass d'Verschëlldungskapassitéit bei ville Gemengen elo scho staark strapazéiert.

Fir dës elo scho relativ schlecht finanziell Situatioun a Mangel u Spillraum gëtt et Erklärungen. Éischtens, d'Gemengen hu vun deene fette Joren net an deemselwechten Ausmooss profitéiert wéi de Stat. Ech hunn dat schonn des Öfteren hei nogerechent. Ech brauch dat net nach eng Kéier ze maachen. Dat kann een an all Rapport vum Ministère de l'Intérieur noliesen. Zweetens, hunn d'Gemenge vum Stat an der leschter Zäit ëmmer erëm nei Aufgaben duergetesselt kritt. Och do brauch ech net an den Détail ze goen. Ech erënneren un de Précoce, un d'Structures d'accueil an aner Aufgaben. An drëttens, an dat ass, mengen ech, net onwesentlech, spieren d'Gemengen schonn haut d'Nofolgekäschte vun där rasanter demographescher Entwécklung, déi de Stat, esou wéi den Emile Calmes dat a sengem Rapport duergestallt huet, eréischt an deenen nächste Joren a Jorzéngten wäert spieren.

Här President, während de Stat also zumindest nach en Apel fir den Duuscht huet, sëtzen haut scho vill Gemengen bei Waasser a bei Brout. Duerfir ass d'Reaktioun vum Innenminister op déi akut Kris bei de Gemengefinanzen awer och alles anescht wéi adequat. Déi Circulaire vum 27. November 2002 ass an eisen An e schlechte Witz. Ze mengen, déi eventuell Plus-valuë vun 2002 an 2003 géingen duergoen, fir d'Lach vun 2004 an duerno ze stoppen, ass wierklech naiv.

Et ass net fair, datt déi, déi am mannste vun de fette Jore profitéiert hunn, als Éischt elo mussen an hir eegen Täsch gräifen. Haut feelen de Gemengen genau déi Milliarden, déi hinnen duerch déi eenzel Reforme vun der Gewerbesteier entzu gi sinn. Mir haten dat emol ausgerechent a waren op 4 bis 5 Milliarden al Frang komm. Dat si genau déi Suen, déi eis elo feelen, fir a méi schlechten Zäiten awer nach einegermoossen iwwert d'Ronnen ze kommen. Fir eis, an dat wëll ech hei klorstellen, als Gréng ass et selbstverständlech, dass och d'Gemenge méi lues mussen trëppelen, wann et wirtschaftlech allgemeng méi schlecht geet. Mir sinn awer net d'accord, dass se total handlungsonfäeg gemaach gi sinn duerch politesch Décisioune vun der Regierung, déi an Zäite geholl gi sinn, wéi et nach wirtschaftlech gutt gaangen ass.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Dofir verlaange mir als Gréng, dass d'Gemenge fir déi Ausfäll, déi duerch d'Reform vum leschte Joer bedéngt sinn, kompenséiert ginn. Et kann ee graff schätzen, dass bei deene minus 40% ongeféier d'Halschent duerch déi méi schlecht wirtschaftlech Situatioun bedingt ass. Mat deenen Ausfäll hu mir, wéi gesot, kee Problem. Et ass logesch, dass d'Gemengen déi och ze spiere kréien, mä mir plädéieren awer dofir, dass eng Kompenséierung kënnt fir déi aner 20%, déi an eisen An total onberechtegt sinn.

Mir hätten eng Piste ze proposéieren an zwar, ob een net kéint driwwer diskutéieren, dass de Stat d'Paie vum Léierpersonal géing iwwerhuelen. Do ass et jo souwisou esou, dass de Stat responsabel ass fir d'Héicht an d'Ausmooss vun der Entwécklung vun deene Salairen. Mir fannen et net normal, dass d'Gemengen do substantiell Beiträg musse leeschten, wou si awer kee Millimeter kënne bei der Gestaltung vun dëser Ausgab matschwätzen.

Mir missten awer och, Här President, an dat schéngt mir an der heiter Situatioun nach vill méi wesentlech ze sinn, endlech méi eng substantiell Diskussioun féieren iwwer eng Reform vun de Gemengefinanzen. Haut fält et eis op de Kapp, haut rächt et sech, dass dës Reform vun där scho jorzéngtelaang geschwat gëtt, ëmmer erëm op déi laang Bänk gedréckt ginn ass. Et géing ze wäit féieren, wann ech elo iwwer eis Virstellungen an deem Beräich géif schwätzen. Ech wéilt just e puer Gedanke soen an e puer Pisten uginn, wéi mir eis dat virstellen.

Fir eis missten d'Gemengefinanzen dräi Kritäre gerecht ginn: D'Einnahmen misste permanent sinn, si misste stabel sinn a se misste prévisibel sinn. Déi Leit, déi am Gemengesecteur aktiv sinn, mengen ech, kënne mir bestätegen, dass mir praktesch haut de Géigendeel vun deenen dote Kritären hunn. Mir mierken hei wéi total konjunkturofhängeg mir bei eise Recettë sinn. Mir mierken, dass mir ganz vill Recetten hunn, déi net permanent sinn, net stabil sinn a scho guer net prévisibel sinn. Et ass net gutt, fir eng Politik kënnen ze maachen, wann een dëst Joer emol net weess, wat een d'nächst Joer nach an engem Budget huet. Wéi soll een dann do eng laangfristeg nohalteg Politik kënne maachen?

Et geet fir eis als Gréng drëm, dass een d'Gemengen erëm vill méi op déi eege Féiss stellt. Och do just e puer Pisten. Mir misste méi eege Recetten hunn. Mir verlaange scho laang eng grondleeënd Reform vun der Grondsteier. Domat kéint een eventuell zwou Mécke mat engem Schlag schloen, éischtens lues a lues emol erëm eng eege relativ substantiell Recette fir d'Gemenge schafen, déi och deenen dräi Kritäre vu permanent, stabil a prévisibel géing entspriechen, well eng Grondsteier ass net konjunkturofhängeg. Déi kann ee selwer definéieren. Déi huet mam Besëtztum ze dinn, wou ganz wéineg ännert. Do wier et un der jeeweileger Gemeng fir festzesetzen, wéi héich, dass si déi da wëllt schrauwen.

En plus, mengen ech, wier et an Zäite vun engem Gaspillage vun eisem raren Terrain, wierklech en zousätzlecht Instrument, fir d'Spekulatioun, innerhalb vum Perimeter zumindest, anzedämmen. Ech wëll net soen, dass ee se domat total an de Grëff géif kréien. Firwat si mir net amstand oder firwat geet den Innenminister net hin a mécht emol Proposen? Ech hat zumindest dat Gefill, dass bei den Debatten iwwert déi nei Kompetenzopdeelung Stat/Gemengen et awer machbar misst sinn an deem Haus hei eng Majoritéit, fir esou eng Reform ze kréien.

Kommt mir ginn déi un! Ech menge jo net, dass dat la mer à boire wier. Wann een zwee, dräi Spezialiste géif drop setzen, misst ee jo awer an e puer Méint eng Propos op den Dësch kréien, wou een driwwer diskutéiere kéint an nach vläicht an dëser Legislaturperiod eppes op de Wee ginn, fir dass een duerno zumindest emol erëm eng méi substantiell Recette am Gemengebudget hätt, déi deene Kritären, déi ech elo grad ernimmt hunn, géif gerecht ginn.

Selbstverständlech sinn d'Gemengen selwer an der Flicht, fir hir Taxen dem Principe pollueur-payeur unzepassen. Ech sinn iwwerzeegt, dass wann een déi 118 Gemengenbudgete géing duerchforsten, een nach eng Rei Gemengen géing fannen, déi nach Joer fir Joer mindestens 100.000 Euro bäileeën, sief et beim Offall, sief et beim Ofwaasser. Virun allem hunn ech dat Gefill, dass déi wéinegst Gemengen de Kritär Pollueur-payeur applizéieren a massiv Geld bäileeën.

Wann ee kuckt, wat op där enger Säit bezuelt gëtt an Ofwaassersyndikater, a wat op där anerer Säit erakënnt beim Ofwaasser, ech mengen, do ass eng Selbstverflichtung, do kéint esou munnecht Lach nach gestoppt ginn, well dat si vläicht net ëmmer immens héich Milliounebeträg, mä dat wieren awer Beträg, déi Joer fir Joer géifen erakommen. Ech mengen och, dass d'Leit dobaussen steierlech nach net esou belaascht ginn, dass si dat doten net géinge verkraaften.

Ech sinn der Meenung, dass ee sech awer och misst Gedanke maachen iwwer nei Taxen, déi een am Gemengeberäich kéint aféieren. Ech wëll just drop hiweisen, dass et fir eis awer kloer ass, dass dës Taxen net alleguerten däerfen zu Laaschte vun de Salariéë goen, mä dass ee misst kucken, dass d'Betriber hire Beitrag zum Fonctionnement vun de lokalen Autoritéiten a Strukture misste bäidroen.

***(Interruption)***

Neen, mä et kéint ee sech iwwer eng Versigelungssteier Gedanke maachen, wou d'Betriber hiren Deel géife bäisteieren. Mir sinn der Meenung, dass wann ee sech géif zesumme setzen, dass et machbar wier um Gemengenniveau eng grondsätzlech ekologesch Steierreform ze maachen, wou een déi Saache géif prinzipiell besteieren, déi méi rar gi sinn an deene leschten 150 Joer, während aner Saache missten entlaascht ginn.

Ech menge schonn, dass wann ee sech emol am Ausland géif ëmhéiere, wann een d'Käpp géif zesummen strecken, da misst et machbar sinn nei Forme vu Revenuen ze fannen. Wéi gesot, mir géifen drop halen, dass effektiv en Ausgläich géif stattfannen tëschent de Salariéen an de Leit, déi Betriber hunn, well soss riskéiert dat ze geschéien, wat de Gast Gibéryen gëschter hei gesot huet a wou ech him Recht ginn, dass iwwert d'Gewerbesteier d'Betriber massiv, awer wierklech massiv entlaascht gi sinn, an dass elo d'Gemenge forcéiert ginn iwwer Taxen, déi awer virun allem hir Bierger a Biergerinne betreffen, déi Suen erëm eranzehuelen.

Dat ass eng Verlagerung vun der Steierlaascht, déi mir op jidde Fall net kënne mat droen a wou mir an deem Sënn, wou mir eppes ze soen hunn an do, wou mir mat an der Verantwortung sinn, wäerte proposéieren, dass eng vun de Mesuren den nächsten Oktober wäert sinn, den Taux vun der Gewerbesteier eropzesetzen. Wann ee kuckt, dass et deene meeschte Betriber jo awer net esou schlecht gaangen ass déi lescht Joren an och elo nach net esou schlecht geet, fanne mir, wann et esou ausgesäit, wéi wann d'Gemengen total handlungsonfäeg ginn, den Zäitpunkt erëm komm ass, wou een op Gemengenniveau den Taux vun der Gewerbesteier an d'Luucht setze kann. Dat ass op jidde Fall eng Piste vu villen, déi mir wäerte verfollegen.

Ech mengen awer och, dass d'Gemengen nei Aktivitéite kéinten agoen, wou si mëttel- a laangfristeg zumindest ofgeséchert Revenuen hätten. Mir denken do un de Beräich vun alternativen Energien, wou sécherlech an enger Ugangsphas eventuell e bësse Sue misste bäigesteiert ginn, wou awer en Zukunftssecteur existéiert, wou mëttel- a laangfristeg awer kéinte Revenuë kommen.

Mä an all deene Pisten, déi ech elo opgestallt hunn, stelle mir awer lei-

der fest, dass och do d'Reaktioun vum Innenminister alles wéi net adequat ass. Ech hu selwer erlieft, dass hie sech massiv géint d'Asetze vun neien Taxe wiert. Aner Leit hunn um eegene Leif erfuer, wéi vill Steng een an d'Wee geluecht kritt, wann een an de Beräich vun den alternativen Energië wëllt goen. Jo, mir hunn et net gegleeft, wéi mir gelies hunn, dass den Innenminister elo de Gemengen recommandéiert, hir beschte Stécker aus dem Trousseau ze verkafen.

Et ass net ze verstoen, dass grad an där heiter Situatioun den Innenminister op eng Fro vu mengem Kolleeg François Bausch, am Kontext vun der Liberaliséierung vum Stroum, de Gemenge wierklech recommandéiert hir Elektrizitéitswierker un den Éischtbeschten ze verjubelen. Wann ee weess, dass déi Gemengen, déi d'Chance haten, muss ech soen, iwwer Jorzéngten nach en eegent Elektrizitéitsnetz ze hunn, e gudden Deel vun hire Servicer konnten iwwer e Benefiss, wa se gutt organiséiert waren, deen déi Wierker ofgeworf hunn, finanzéieren, da fannen ech et scho bal skandaléis, dass an enger Situatioun, wou mir riskéieren, dass d'Gemengen an zwee, dräi Joer total handlungsonfäeg sinn, den Innenminister soss näischt ze dinn huet, wéi deene Gemengen ze recommandéieren, dat dote Kapital elo nach um Privatmarché ze verscherbelen. Dat ass wierklech awer eng Reaktioun, déi bal net méi nozevollzéien ass.

***(Interruption)***

Eiser Meenung no, ass dat dote wierklech déi total falsch Reaktioun. Et ass déi falsch Politik, wann een nach staark Gemenge fir d'Zukunft wëllt.

Mä vläicht, Här President, wëllt dësen Innenminister, vläicht wëllt dës Regierung iwwerhaapt keng staark Gemengen. Dat ass d'Fro, déi ee sech hei zumindest ka stellen. Vläicht wëllt dës Regierung ganz bewosst d'Gemengen erëm op hir initial Missiounen aus der Zäit vun der franséischer Revolutioun zréck drécken.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Kommt, mir iwwerginn dem Innenminister d'Gemengeréit.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Et wier eng Iddi, well wann et esou weidergeet wéi elo, da freet ee sech firwat een nach 118 Gemengeréit, Buergermeeschteren, Schäffen a Conseillere braucht, well et huet een dat Gefill, dass dësen Innenminister an dës Regierung d'Gemenge wëllen op hir obligatoresch initial Missioune vu virun 200 Joer zréck drécken,…

***(Brouhaha général)***

...déi dora longen, fir Rou an Uerdnung ze suergen an Aarmenhaiser ze baue fir déi, déi duerch all sozial Netzer gefall sinn.

Et muss een hei op lokalem Plang déiselwecht Fro stellen, déi mäi Kolleeg François Bausch gëschter fir d'Politik um nationalen, um Weltniveau, gestallt huet. Et ass ganz kloer, et muss een definéieren, wéi e Rôle de Stat an d'Gemenge sollen hunn. Mir gehéiren net zu deenen, déi dat nach just wëllen op law and order reduzéieren, weder um nationalen nach um kommunale Plang.

Une voix.- Très bien.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- A mir wäerten alles dru setzen, fir eis géint esou Tendenzen ze wieren. Ech sinn iwwerzeegt, hoffen zumindest, dass mir do ganz staark Alliéierter fannen.

Déi dote Politik, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, entsprécht net de Virstellungen, déi déi Gréng vun der Roll vun de Gemengen am 21. Jorhonnert hunn. Am Géigendeel, mir sinn der Meenung, dass mir staark Gemenge brauchen, fir eng Rei gréisser Erausfuerderungen an der Gesellschaft unzegoen. Mir brauchen d'Gemengen am ekologesche Beräich, fir eng aner Energiepolitik, fir eng aner Verkéierspolitik ëmzesetzen. Mir brauchen d'Gemengen am soziale Beräich, fir nei Forme vu gesellschaftlecher Solidaritéit an ugepasster Noperschaftshëllef ze entwéckelen. Jo, mir bauche souguer d'Gemengen am wirtschaftleche Beräich, fir nei an innovativ Secteuren opzebauen. Mir brauche schlussendlech d'Gemengen, fir d'Wunnengsnout méi kleng ze maachen. Wann d'Gemengen dës Roll awer sollen iwwerhuelen, dann däerf ee se net finanziell handlungsonfäeg maachen, mä da muss ee se souguer besser ausstafféiere wéi an der Vergaangenheet.

Mir erwaarden eis, Här President, vun dëser Regierung also eng Reaktioun, déi méi wäit geet, wéi eng witzlos Circulaire vum Innenminister. Mir erwaarden eis awer och vun de Verantwortleche vum SYVICOL méi eng staark Reaktioun, méi e groussen Asaz fir hir Membere vis-à-vis vun der Regierung, anerefalls riskéiere si 2004 mam Här Juncker zesumme missen duerch d'Häll ze goen. Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Nom Här Gira ass et um Här Claude Wiseler. Här Wiseler Dir hutt d'Wuert.

***(Brouhaha général)***

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här President, et ass scho vu ville Virriedner gesot ginn, datt de Budget vun dësem Joer e wéineg anescht ass wéi déi Budgeten, déi mer déi Jore virdrun haten, an dofir wëll ech och nach eng Kéier vu menger Säit aus - well ech weess, wéi schwéier et ass - dem Budgetsrapporteur, dem Mill Calmes, merci soen, fir dee Rapport, deen hie gemaach huet.

Hien hat et dëst Joer effektiv net einfach, well hie während sengem Rapport mat enger Rei vun Données changeantes konfrontéiert gouf. Dat alles ënnert en Hutt ze kréien, ass net evident gewiescht. Hien huet dat flott gemaach an huet och e gudde mëndlechen a schréftleche Rapport der Chamber virgeluegt.

De Budget ass anescht, dat ass richteg, an dofir stelle sech eng ganz Rei Froen. Äntwerte si vun den eenzelne Parteien a Gruppen ze bréngen iwwert déi Prioritéiten, déi se sech an hirer Politik wëlle ginn, Punkten, déi se wesentlech fannen an exekutéiert wëlle gesinn. Et kommen och eng Rei Ënnerscheeder méi prononcéiert zu Dag, wéi dat déi Jore virdu war, wou et am Fong méi méiglech war alles ze maachen an de Konsens dee Moment méi einfach war.

Ech ka mech erënneren, datt d'lescht Joer, besonnesch nom 11. September, sech schonn eng Rei finanziell Froe gestallt hunn, een e gewëssene Ralentissement konnt feststellen, mä mir hunn, richtegerweis, awer geduecht, datt et en temporaire Ralentissement wär, dat heescht, e wär besonnesch bedéngt duerch den 11. September an et doduerch während enger gewësser Zäit méi lues géing goen, mä dach nach awer e relativ groussen Optimismus bestanen huet an eng Rei vu Revendikatiounen virbruecht gi sinn. Wann dat, dat d'lescht Joer nach de Fall war, esou gesäit et dëst Joer awer e wéineg anescht aus.

Mir hu während méi wéi engem Joer eng Rei Wirtschaftsprognosen vun deene verschiddensten Instituter gesinn, ob vun der Europäescher Unioun, der OECD, dem Statec, oder souguer vun eise Steieren, déi Woch fir Woch, Dag fir Dag, changéiert hunn, souguer signifikativ geännert hunn.

Wa mer am Abrëll 2001 nach fir 2002 5% virausgesot kruten, da waren dat am September 2001 schonn nëmme méi 3%. Am Abrëll 2002 fir 2002 nëmmen nach 2%, du fir 2003 5%. Am Juli vun dësem Joer ass nach mat enger Accélératioun vun der Ekonomie fir déi zweet Halschent vun dësem Joer gerechent ginn, an am September, respektiv Oktober gëtt op emol nëmmen 0,1% méi virausgesot.

Dat ass e Gewulls vun Donnéeë gewiescht, déi am Laf vun de Wochen, vun de Méint, changéiert hunn, a wou et net evident ass, weder fir eng Lëtzebuerger nach fir iergendeng auslännesch Regierung - a mir hunn an alle Länner vu der Europäescher Unioun déiselwecht Phenomener konnte feststellen -, fir sech op Donnéeën ze baséieren, wou een nëmme méi oder wéineger sécher konnt dovunner ausgoen, datt se géinge stëmmen.

Bei menge Virriedner, déi haut oder scho gëschter geschwat hunn, ass vill iwwer eis Moossinstrumenter geschwat ginn, iwwert de Statec, iwwert d'Steieramt, wou an där leschter Zäit grouss Efforten gemaach ginn, fir Recrutementer ze maachen a fir och déi Analysinstrumenter méi perfektibel ze maachen.

Ech stelle just fest, datt déi international Moossinstrumenter net méi schnell, net méi prezis an deene leschte Méint waren, an datt aner Länner och net méi schnell iwwert d'Situatioun informéiert waren, wéi dat Lëtzebuerg war.

***(Interruption)***

Ech sinn d'accord mat all deenen, déi gesot hunn, d'Moossinstrumenter misste verfeinert ginn. Well et ass jo wesentlech fir eng politesch Analys a fir déi politesch Reaktioun, déi een duerno muss hunn, datt mer relativ schnell a gutt Instrumenter zur Verfügung hunn, fir kënne gutt a séier ze reagéieren.

Mä nach soen ech, datt dat eng Revendikatioun ass - besser Instrumenter ze hunn -, fir eng besser Politikreaktiounsfähegkeet kënnen ze gestalten. An dann och dat, wat een aus deenen Instrumenter zitt. Wat wär gewiescht, wa mer zwee, dräi Méint virdru gewosst hätten - wat och aner Länner net woussten -, wat geschéie géing? Wat hätte mer anescht gemaach, a wéi hätte mer reagéiert? Dat sinn eng Rei Froen, déi sech gestallt hunn an déi sech elo nach stellen.

Froen: Wéi reagéieren ech? Wéi wäit reagéieren ech mat deenen Donnéeën, déi ech hei hunn? Wéi staark reagéieren ech? Wéini reagéieren ech? Spueren ech? Wéivill spueren ech? Kucken ech, fir méi Recetten ze kréien? Wéivill nei Recetten? Wou a wéi maachen ech dat? A wéi wäit änneren ech elo de Budget vum nächste Joer mat deenen Donnéeën, déi ech elo weess?

Dorop huet d'Regierung eng Rei Äntwerte ginn, eng Rei ganz kloer a ganz däitlech Propositioune gemaach. A mir hunn hei vill geschwat, mir hunn hei vill Propositioune gehéiert, mä ech hunn haaptsächlech awer feststelle kënnen, datt et laangfristeg Propositioune waren. Domat kann ech och d'accord sinn, dat kann ech och verstoen.

Mä wat de Budget 2003 elo ugeet, vun deem mer elo schwätzen, do sinn awer wéineg ganz präzis Propositioune komm. D'Regierung huet déi Amendementer, déi se ënnert deenen neie wirtschaftleche Situatiounen, ënnert deenen neie Concertatiounen vu deenen Recetten, mat deene mer fir 2002 an 2003 rechnen, no enger Rei vu Prinzipië gemaach.

Deen éischte Prinzip ass, datt ee soll déi mëttelfristeg ekonomesch Situatioun kucken. Voilà, mä wat ass déi mëttelfristeg ekonomesch Situatioun? Dat ass jo d'Fro, déi sech stellt. Wat sinn d'Persepektiven iwwer 2003 eraus fir 2004? An do ass et natierlech net evident, wann ee kuckt, vu wou déi aner Länner ausginn, wat d'ekonomesch Previsioune vu den europäeschen Instituter, vun de Weltwirtschafstinstituter sinn, respektiv och vu de Lëtzebuerger Analysinstituter, do gëtt da viraus gesot, datt Enn 2003, Ufank 2004, oder am Joer 2004 et erëm géing mat der Ekonomie an d'Luucht goen. Ech kann net soen, an et ka kee soen, ob dat elo richteg ass oder net. Well alles dat, wat mer an deene leschte Méint héieren hunn iwwert dat, wat Enn 2002 a wat 2003 géing geschéien, ass jo net vun enger grousser Fiabilitéit gewiescht.

Nach muss een awer dovunner ausgoen, datt dës Regierung sech un dat soll halen, muss halen, wou déi meeschte Länner sech drun halen. An dat sinn déi Prognosen, déi international an europäesch erauskommen. Ech mengen, dat ass evident, an ech ka mer och net virstellen, datt et momentan kéint anescht gemaach ginn.

An da muss ee kucken fir aus där Situatioun, wou mer elo haut sinn, zwou Saachen ze maachen. Éischtens, alles ze maachen, fir déi Reprise vun der Croissance, wa se sollt kommen a wa se sech erëm sollt astellen, esouvill wéi méiglech ze bevirdeelegen an d'Konditiounen ze schafen, datt se sech och kann zu Lëtzebuerg ëmsetzen. An zweetens, och déi Moossnamen huelen, déi et erméiglechen, wann déi Croissance net géing esou ugekuerbelt ginn oder net géing esou goen, wéi ee sech dat erhofft, datt mer prett sinn, fir dann och kuerzfristeg ze reagéieren.

Zweete Prinzip, dat ass deen, datt Rechnung muss kënne gedroe ginn dem Fait, datt mer momentan wichteg Reserven op der Säit hunn, déi eis erlaben iwwer een, zwee, dräi Joer ze schaffen. Dat ass wéineg an deene Rieden, déi gehale gi sinn, ervirgehuewe ginn.

D'Oppositioun huet gesot, datt d'Regierung déi positiv Entwécklung, déi an deene leschte Jore war, ëmmer probéiert hätt op hire Kont, op hiren Hutt ze schreiwen, a se elo sech och déi aktuell, déi negativ Situatioun misst ukreiden. Dat klengt richteg, dat klengt och logesch, wann een et esou schnell seet. Da geet dat och duerch an et mengt een och, dat wär richteg esou.

***(Interruption)***

Dat klengt gutt, mä wat ech soe wëll, dat ass, datt sécherlech d'Lëtzebuerger Regierung fir d'Weltekonomie a wéi d'Weltekonomie sech an deene leschte Joren entwéckelt huet, fir hire positive Rhythmus net verantwortlech ass. Ech mengen, esou bescheiden ass bestëmmt eis Lëtzebuerger Regierung.

***(Interruption)***

Dofir, wou se awer verantwortlech ass, Här Gibéryen, dat ass, datt se déi Zäit genotzt huet, wéi déi europäesch Wirtschaft an d'Luucht gaangen ass, wéi d'Weltwirtschaft sech gutt développéiert huet, fir ze kucken, fir eis Kompetitivitéit zu Lëtzebuerg esou ze gestalten, datt mer an deem positive Kader gutt do stongen, an d'Weltexpansioun an déi europäesch Expansioun genotzt hunn, fir eis Statsfinanzen esou ze strukturéieren, datt mer duerch déi fiskal Recetten, déi erakoumen an déi nach erakommen, eise Budget kënne stabiliséieren.

D'Regierung ass och verantwortlech, fir déi Zäit profitéiert ze hunn, fir eng Budgetspolitik ze maachen, déi an deem Sënn virsiichteg ass, datt se sech an deene leschte Joren eng ganz Rei Reserve konnt uleeën. Dofir ass se responsabel. A wann ech, d'Réserves budgétaires säit 10 Joer kucken, déi 66,8 Milliounen Euro 1992 waren, an 2002 der 483 sinn,…

***(Interruption)***

Et kann een dodriwwer diskutéieren, mä déi Diskussioun, Här Krecké, fänke mer elo net un. Déi Reserv, dat ass ganz kloer, ass an deene leschten 10 Joer wesentlech an d'Luucht gaangen.

***(Brouhaha général)***

Also ech soen, si waren 1970 7,2 Milliounen Euro, 1992 66,8 an 2002 483,7 Milliounen Euro.

***(Interruption)***

M. le Président.- Wann ech gelifft, keng Zwëschegespréicher.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech lauschteren ëmmer gär deenen zwee Fraktiounspresidenten no, wa se am Dialog sinn, mä ech fueren awer elo weider mat deem, wat ech wollt soen.

D'Reserve vun de Spezialfonge si vun 209 Milliounen am Joer 1992 op 2.122 Milliounen Euro 2002 eropgaangen. Dofir soen ech, dofir ass d'Regierung selbstverständlech verantwortlech, fir an deene leschte Joren eng Politik gemaach ze hunn, déi awer substantiell déi Reserven an d'Luucht gesat huet. A wéi den Här Bodry gesot huet virdrun, Reserven, déi mer elo zu engem Deel brauchen a wou mer musse kucken, wéi mer an deenen nächste Joren domadder eens ginn. Mä dat wichtegst ass awer....

***(Interruption)***

Dat ass och richteg, ech hunn dat d'lescht Joer geschriwwen, fir domadder ze beweisen, datt et wichteg ass, datt mer déi Reserven, déi elo do sinn, an deene leschte Jore gemaach hunn, fir déi Zäite kënnen ze iwwerbrécken, wa mer se brauchen. D'Reserve sinn dofir do, fir benotzt ze ginn, wann d'Zäite méi enk sinn a wa sech Problemer stellen. Contrairement zu deem, wat verschiddentlech an deene leschte Wahlcampagnë gesot ginn ass, datt d'Regierung géing op de Sue sëtzen, an datt d'Friichte vun där Wirtschaftsévolutioun, déi war, elo misste verdeelt ginn, huet d'Regierung eng virsichteg Politik gemaach. Mir si frou, datt déi virsichteg Politik momentan kann ëmgesat ginn. Dat ass dat, wat ech sot.

***(Interruption)***

Domat deelen ech all Ausso selbstverständlech, datt mer och virsichteg an deenen nächste Jore mat deenen Ausgaben, déi mer maachen, sollen ëmgoen,…

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Och mat de Reserven?

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- ...an datt d'Reserve sollen esou wäit benotzt ginn, wéi mer se fir d'Investissementer brauchen. Mer sollen an deenen nächste Joren, wa mer déi finanziell Méiglechkeet dozou hunn, och probéieren déi Reserve weider opzestocken.

Deen drëtte Prinzip, vun deem déi Amendementer hei ausgaange sinn, ass d'Noutwendegkeet fir déi Investissementer, déi mer hei am Land hunn, op engem héijen Niveau ze halen. D'Explikatioun ass gi ginn, datt et wesentlech ass, an domat, mengen ech, sinn och all Fraktiounen d'accord, fir eis Konjunktur, fir eis Entreprisen, op engem héijen Niveau weiderdréinen ze loossen, fir den Emploi domadder ze ënnerstëtzen. Dat ass a sech selbstverständlech. Dat ass och nëmme méiglech, well mer déi héich Reserven hunn. Ech géing awer esouguer hannendru soen, datt et net nëmmen noutwendeg ass fir déi Konjunktur, déi mer haut hunn, ze ënnerstëtzen, mä datt et och laangfristeg eng Noutwendegkeet ass, fir weider an eist Land ze investéieren, well just duerch déi Investissementer, just duerch de Fait, datt mer eis kapabel setze fir eis Infrastrukturen, ob dat elo Transport-, Mobilitéitsinfrastrukturen sinn, ob dat Kommunikatiounsinfrastrukture sinn, ob dat kulturell

Infrastrukture sinn oder ob dat Sozial-, Sanitärinfrastrukture sinn, well all déi Infrastrukture sinn noutwendeg, wa mer eis an eisem Land wëllen eng Gesamtinfrastruktur ginn, déi eis Konkurrenzfäegkeet oprecht hält, déi Betriber an d'Land komme léisst, an déi esou eis Ekonomie weider dréine léisst.

Déi Investissementer héich ze halen, ass also net nëmmen e Fait, datt mer wëllen eis Konjunktur weider dréine loossen, mä et ass wichteg, fir eis einfach eng Infrastruktur an dësem Land ze ginn, déi eis Konkurrenzfäegkeet par rapport zu anere Länner erhält an eis d'Méiglechkeet gëtt, och weider qualitativ Entreprisen unzezéien. Dee Moment ass et och eng laangfristeg Politik, déi esou geplangt gëtt.

Vläicht just ee Wuert zur Kompetitivitéit. Ech denken awer, och wann den Här Bausch gëschter Owend méi spéit ganz eloquent de Contraire gesot huet, datt eis déi Steierreformen, déi mer an deene leschte Jore gemaach hunn, och eng Rei Kompetitivitéit weider gëtt. An dat ass a sech genau dat, wat duerch déi Steierreforme gemaach ginn ass. Dat ass d'Méiglechkeet, fir awer konkurrenzfäeg par rapport zu deenen aneren europäesche Steierlandschaften, wat d'Entreprisen ugeet, ze bleiwen. Den Här Bausch huet gëschter d'Zuele vun deenen anere Länner genannt. Ech widderhuele se net. Hien huet se genannt, andeem hie wollt beweisen, datt mir relativ déif an eise Steiersätz par rapport zu anere Länner géinge leien. En huet dat net als positiv vu senger Siicht aus gesinn. Ech verstinn dat jo och, datt Der et net als positiv gesitt.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Esou ass et net grad. Ech hu gesot, datt Der ze wäit gaange sidd an de Reduktiounen. An de Fait ass deen, datt effektiv bei nëmmen annerhalwem Joer Ofstierze vum Wuesstum vum PIB, mer schonn esou e schnellen Déséquiliber am Budget kréien, da beleet dat ganz kloer, datt den Ausmooss vun de Steierreformen a kenger Hinsicht zum Resultat steet, wat Der lech erwaart hutt. Dir hutt tabléiert op e Wuesstum vun 3 bis 4%, datt dee selbstverständlech wär fir Lëtzebuerg, och a Jore wou et méi schlecht géing dréinen, well Dir sidd ausgaange vun 9%, an dofir sidd Der dovunner ausgaangen, fälschlecherweis, menger Meenung no, datt e schlechte Wuesstum fir Lëtzebuerg schonn 3 bis 4% wär. Elo si mer bei 0,1% ukomm, an ech hu schonn ëmmer virun zwee Joer gesot, datt dat duerchweegs ka virkommen, datt wa mer eng Kéier brutal esou ofstierzen, mer relativ séier a finanziell Engpäss kéimen.

An ech behaapten nach eng Kéier, an dat wësst Der och, dass wann et nach een oder zwee Joer esou weidergeet, da wäert et 2004, 2005 ganz, ganz enk gi fir de Budget, an da wäerte mer ganz vill Schwieregkeete kréien. Dat ass d'Resultat vun där oniwwerluegter Steierreform. Ech mengen net, et hätt een d'Steiere guer net sollen erofsetzen. Dat war net de Problem.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Voilà, an ech wollt am Fong opgrond vun deenen Zuelen, déi Der richtegerweis gëschter zitéiert hutt, einfach soen, datt dat eis an der europäescher Ekonomie d'Méiglechkeet gëtt, effektiv zolidd konkurrenzfäeg ze sinn an zolidd attraktiv, fir Entreprisen heihinner ze féieren. Ech weess, datt dat en Ënnerscheed ass. Ech bestreiden...

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Dat eenzegt Argument, dat ee kann ufëieren, ass d'Kompetitivitéit vum Standuert. Ech sinn der Meenung, datt all déi aner Saachen, déi Der virdrun opgezielt hutt, nämlech d'Defiziter an den Infrastrukturen, mindestens esou wichteg sinn, wann net méi wichteg sinn, a wann d'Finanzcapacitéit vum Stat a Fro gestallt ass, da kréie mer Defiziter an den Infrastrukturen, an dat ass fir d'Kompetitivitéit ganz fatal.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech sinn effektiv der Meenung, dofir hunn ech et jo och virdru gesot, datt all déi Investissementer an d'Infrastrukturen e wesentlechen Deel vun eiser Konkurrenzfäegkeet ausmaachen. Dofir musse se och gemaach ginn. Ech sinn och der Meenung, datt déi Steiersenkungen, esou wéi se ware bei den Entreprisen, och e wesentlechen Deel sinn. Si ginn lech ze wäit. Ech fanne se richteg, an ech fannen et wichteg, datt se gemaach gi sinn, fir déi Konkurrenzfäegkeet an engem globale Pak hei kënnen esou ze gestalten, datt se an deenen nächste Joren och nach Sënn hunn.

De véierte Prinzip, vun deem d'Regierung ausgaangen ass, dat ass de Wëllen, net nëmmen d'Recetten anescht anzeschätzen, mä richteg anzeschätzen, mä och d'Dépensëséit ze iwwerkucken. Do ass och vill driwwer geschwat ginn. D'Dotatioun vun deene Fongen, déi iwwert de quasi Automatismus, wann de PIB net esou sech entwéckelt, wéi en am Ufank geplangt war, dann erofginn. Mä et muss een awer och nach eng Kéier soen, an ech wëll dat hei widderhuelen, datt esou Dotatiounen an de Fonds d'aide au développement, an de Fonds national de recherche just an der Progressioun net esou gemaach gi sinn, wéi se am Ufank virgesi waren. Wat d'Dotatioun selwer ugeet, do muss een awer soen, datt bei deenen zwee d'Dotatioun par rapport zu 2002 nach en valeur absolue eropgeet.

Et ass net fir hei ze soen, et ass alles gekäppt ginn. Au contraire, et ass nach eng Evolutioun doranner ze erkennen, a mir leien och an deem wichtege Fonds d'aide au développement nach ëmmer, wann ech e mat anere Länner vergläichen, op engem Pourcentage vum PIB iwwer 0,8. Wann ech e mat Frankräich vergläichen, dat bei 0,3, 0,4 läit, Däitschland 0,25, 0,3, d'Belsch 0,3 bis 0,4, Italien 0,15 an esou weider, leie mer awer ëmmer op Zuelen, déi sech nach weise loossen a wou ee sécherlech net muss e schlecht Gewëssen dofir hunn. Well do gëtt gutt a vill Aarbecht vu Lëtzebuerg gemaach, an dat soll an dat muss och esou weidergoen, fir datt mer déi Zilsetzungen, déi mer eis am Absolute gestallt hunn, och au fur et à mesure vun de Joren, wou mer d'Méiglechkeeten hunn, erreechen.

An da wëll ech och nach eng Kéier dat ënnersträichen, wat de Statsminister virun e puer Deeg hei gesot huet, a wat och wesentlech ass, well et net elo vill widderholl ginn ass. Dat ass, datt eng Rei Engagementer, déi geholl gi sinn, wéi zum Beispill, datt d'Antriede vum Mindestloun, oder den Ajustement vun de Renten a Pensiounen, wat Engagementer sinn, déi geholl gi si fir den 1. Januar 2003, och esou wäerte stattfannen an och net a Fro gestallt ginn. Do hannendru steet d'Regierung, do hannendru steet d'Majoritéit. Dat gëtt och fristgerecht, termingerecht ëmgesat.

Dofir fannen ech am grousse Ganzen déi Reaktioune vun der Regierung adequat an hire Prinzipien, a mat den Donnéeë vun der wirtschaftlecher Evolutioun, déi mer gesinn hunn, an esou wéi mer se haut, ech insistéieren, kennen, och richteg.

E puer Wuert wëll ech awer och nach zu deem soen, wat gëschter gesot ginn ass, sécherlech net, fir a Polemik eranzefalen, mä e puer Remarke wëll ech maachen, well et gëtt gesot, datt d'Regierung zevill Sue verschiddentlech ausginn hätt. Dat ass awer a Kontradiktioun mat all deene Revendikatiounen, déi mer a verschiddene Motiounen a Gesetzesprojeten, déi déposéiert gi sinn, an deenen leschten Jore gemaach hunn. Ech nennen do zum Beispill d'Kannergelderhéijung, déi vun der sozialistescher Partei virgeschloen ginn ass. Bei der Kannergelderhéijung hu mer da gëschter héieren, mä dat ass eng Propositioun, wou mer, andeem mer d'Kannergelderhéijung virgeschloen hunn awer eng Konterfinanzéierung zousätzlech virgeschloen hunn, andeem mer gesot hunn, esou soen d'Sozialisten, datt d'Steierbonifikatioun fir Kanner gläichzäiteg géing erofgesat ginn. Et ass richteg, datt dat gesot ginn ass. Et ass jo och dee Modell, dee vun der Regierung an deene Jore virdrun och ëmmer duerchgesat an ëmgesat ginn ass.

Mä ech mengen awer net, muss ech soen, datt et richteg ass, datt ee ka soen, wann ech d'Kannergeld erhéijen op där enger Säit an ech gesinn op där anerer Säit vir, datt ech en Abaissement vun der Steierbonifikatioun fir Kanner maachen, datt ech dat als Konterfinanzéierung kann ausginn. Well en fin de compte: Wat geschitt do? Mä et geschitt a sech, datt déi Kannergeldaugmentatioun fir déi Leit, déi Steiere bezuelen, neutral ass. Dat heescht, si musse méi Steiere bezuelen, wat equivalent ass par rapport zu deem Kannergeld wat se kréien, mä et ass awer selbstverständlech esou, datt déi Leit, déi wéineg oder keng Steiere bezuelen - sou ass et jo och geduecht -, natierlech dat vum Kannergeld netto kréien. An dat ass jo am Fong och richteg; dat ass jo och de Sënn vun där Moossnam.

Nach kann een awer net soen, datt déi Moossnam da konterfinanzéiert ass, mä wann ech mech gutt erënneren - ech hunn dat elo net nogekuckt -, hunn déi lescht Augmentatioune vun 1.000 Frang Kannergeld, déi esou „konterfinanzéiert" waren, awer bal 2 Milliarden al Lëtzebuerger Frang, zumindest iwwer eng Milliard kascht. Mä si hunn en Nettopräis gehat an en Nettopräis, deen all Joer erëm kënnt. Voilà, ech wollt dat awer soen. Et ass e wéineg wäit gaang, fir do vun enger Konterfinanzéierung telle quelle ze schwätzen.

Et ass gesot ginn, d'Moossinstrumenter musse verfeinert ginn. Domat kann ech och averstane sinn. Et ass iwwert d'Steierreform geschwat ginn - dat hu mer scho gesot -, et ass och iwwert dee Fliger an iwwer e Schëff geschwat ginn, wat keng Répercussioun - Dir hutt et selwer gesot - op de Budget 2003 hat, wat eng laangfristeg Propositioun ass, wou ech awer muss dozou soen, datt ech awer der Iwwerzeegung sinn, datt mer hei eng direkt international Responsabilitéit hunn an datt et net esou ass, datt mer hei keng Obligatiounen hätten. Mir hunn als Lëtzebuerg awer en Investissement an den Défensebudget, deen déif ass par rapport zu all deenen aneren europäesche Länner. Au contraire, an dofir fannen ech et net richteg, wann een elo déi hei zwou Saache vergläicht, de Fonds d'aide au développement op där enger Säit mat deenen Investissementer, déi an dem Défensebudget gemaach ginn, obwuel se allen zwee un de PIB gebonne sinn, well mer bei der Kooperatioun op engem Taux awer momentan scho leien, dee Weltspëtzt ass. Par contre leie mer op där anerer Säit an eisen internationalen Obligatiounen, wat d'Dépensë vun der Défense ugeet, wäit ënnert deem, wat all aner europäesch Länner an déi Saachen do investéieren.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dir wësst jo, dass Investissementer an d'Entwécklungshëllef Investissementer si fir Krisepreventioun ze maachen, dass mer déi eigentlech missten ugerechent kréien, och bei den Ausgabe bei de Friddensmissiounen.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat mag sinn, datt een dat esou ka gesinn.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Den Här Goerens huet do eigentlech och déiselwecht Haltung.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Nach ass dat awer net esou wéi international Défenseefforte gemaach ginn. Nach wësse mer, datt mer haut an enger Weltsituatioun sinn, wou d'europäesch Défense e wesentlechen Aspekt vun alle Politike vun alle Länner muss sinn, datt mer also hei, denken ech, eng Contributioun maachen zu militäresche Programmer, déi mer vläicht net kënne selwer esou benotzen, mä wat awer eng finanziell Contributioun ass zu engem europäeschen Défenseeffort, deen eis wichteg schéngt.

Den Här Bodry huet gesot, et wär net deen eenzegen Deel dovun; et kéint ee sech net mat sengem Scheckheft do entleedegen. Do ginn ech em jo och Recht. Et ginn och nach aner Efforten, déi ee muss maachen, mä déi aner Efforten, déi ee mécht, déi entbannen ee menger Meenung no awer net, och finanziell ze contribuéieren un enger Défensekapassitéit, déi awer europawäit gefrot gëtt, wou Transport- a Versuergungsprobleme mer an dem Défensesystem stinn; dozou droe mer bäi. Déi aner Länner maache jo ähnlech Investissementer, well déi Fligere respektiv déi Schëffer kafe mer jo net eleng.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Et ass net ganz richteg, wann Der sot, dass deen Effort do gemaach gi wär, well d'europäesch Défensesystemer dat géinge verlaangen a well dat eng Décisioun um europäeschen Niveau wär. Et ass d'NATO, déi Drock gemaach huet op Lëtzebuerg, datt mir net géingen, wéi verschidden aner Länner, méi wéi 1% vun eisem PIB an d'Rüstung stiechen. Dat war den Objet. An du koum d'Regierung op déi glorräich Iddi fir dat heiten ze finanzéieren, fir da kënnen no baussen ze soen, wa se bei d'NATO ginn: Hei, Dir gesitt jo, mir hunn een Effort gemaach. Also et muss ee schonn awer e bësselche gesinn, wéi d'Realitéit ass. Wann dat doten den Objet war, fir um europäeschen Niveau eegestänneg verschidde Saachen opzebauen, da kéint een nach aus engem ganz anere Bléckwénkel investéieren. Mech stéiert awer fundamental, muss ech lech soen, wann hei einfach Drock gemaach gëtt vun der NATO, mir missten ee méi héije Prozentsaz vun eisem PIB blank an d'Rüstung stiechen an et dowéinst gemaach gëtt.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Woubäi ech awer der Meenung sinn, datt all déi aner europäesch Länner en ähnlechen Effort an hiren NATO-Investissementer maachen, wéi Lëtzebuerg en hei mécht.

***(Interruption)***

Jo, do si mer eis net eens, dat ass richteg. Mä gutt, dofir kann een déi Fro jo och esou beäntweren, wéi Dir se beäntwert, mat Ären Iddien. Ech beäntwere se mat deem Hannergrond, dee mir richteg an deem Fall schéngt.

Bon, ech wëll elo net, well d'Zäit elo schonn eriwwer ass, iwwert d'Rockhal, de Rehazenter an esou weider, wat och Erspuernisser sinn, schwätzen. Et ass vill doriwwer ze soen. Ech wëll hei just soen, dass dat mer awer do just punktuell Projete schéngen ze sinn, déi vläicht kënnen - wann een, deemno wéi ee se ausleet, mä ech sinn do mol nach guer net der Meenung, datt et a Realitéit zu deem Resultat gefouert hätt - punktuell Erspuernisser mat sech brengen, mä dat hëlleft och net iwwer Joren eraus fir ze kucken, wéi mer do dru sinn.

Da wëll ech awer nach ee Wuert iwwert d'Privatschoule soen, well dat och haut vill ugeschwat ginn ass. Et ass ganz einfach fir ze soen, datt d'Campagne jo zu engem Deel ugefaangen ass, déi doranner besteet, datt sollen all Suen, déi an de privaten Enseignement fléissen, an den Enseignement public erafléissen. Dat kann ee vertrieden, wann een déi Iddien huet a wann ee géint d'Privatschoulen ass. Ech sinn net där Meenung, mä ech mengen awer, datt dat eng Diskussioun ass, wat keng Budgetsdiskussioun ass, an déi net hei an dee Kader passt. Well déi Schüler an déi Kanner, déi an de Privatschoule sinn, déi sinn einfach do. An déi mussen d'selwecht wéi all déi aner Kanner en Enseignement kréien. A wa se deen net am Privé kréien, da kréie si en am Public.

Doriwwer kann ee streiden. Do sidd Dir anerer Meenung wéi mir. Mä nach ëmmer musse se iergendzwouch, hei oder do, bezuelt ginn. Am Public kaschte se mindestens grad esou vill wéi se am Privé kaschten. Dofir denken ech, datt dat schonn eng politesch Diskussioun ass, déi een op deem Niveau soll iwwert dee Sujet féieren. Mä ech sinn awer net der Meenung, datt dat eng Budgetsdiskussioun ass an dat, wéi och ëmmer, en Erspuernis fir de Budget ass, wann een déi eng oder déi aner Meenung duerchsetzt. Dofir kann ech et net als Spuermoossnam akzeptéieren. Ech kann et als politesch Diskussioun, wou mer ënnerschiddlecher Meenung sinn, akzeptéieren, mä net als Spuerdiskussioun.

Da wëll ech nach soen, datt den Här Krecké gesot huet - ech mengen den Här Bodry huet elo do just iwwerholl -, datt de Budget 2003 a sengen Aen a sech kee Problem ass. Datt och de Budget 2004 kee Problem ass. Datt d'Problemer 2005 oder 2006 ufänken. An do muss ech soen, ech kann dee Raisonnement och verstoen, mä ech denken, datt een awer net esou soll raisonnéieren an datt dës Majoritéit och net wäert esou raisonnéieren. Et muss een elo kucken, wat am Joer 2003 raisonnablement geschitt. Et muss ee kucken, wéi d'Weltwirtschaftsevolutioun am Joer 2003 weidergeet.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech hunn och gesot, et misst ee lues ofbremsen, elo schonn, fir dass ee keng Vollbremsung muss 2005 maachen.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dofir, wëll ech soen, datt dës Majoritéit sécherlech mat ganz vill Akribie wäert ganz genau kucken, wat an deenen nächste Méint um ekonomesche Plang geschitt. Wann déi Reprise net antriede wäert, déi ee fir 2003, net nëmme Lëtzebuerg, mä och all déi aner Länner, erhofft, dann ass et evident, datt muss gekuckt ginn, fir Moossnamen ze huelen. Dann ass et evident, datt dat schonn eng Influenz op de Budget 2004, an net eréischt op de Budget 2005, wäert hunn. An dann ass et och evident, an dat huet de Statsminister kloer an däitlech gesot, datt dës Majoritéit kee Wahlbudget fir d'Joer 2004 mécht, mä datt se ee korrekten an ordentleche Budget och wäert fir d'Joer 2004 virleeën, deen deem ugepasst ass, wat d'Weltwirtschaftssituatioun eis d'nächst Joer seet.

Ech si weder en Optimist nach e Pessimist, mä ech sinn e Realist. Mir hunn elo keen einfache Moment an der Lëtzebuerger Ekonomie, dee bedéngt ass duerch eng Wirtschaftssituatioun an Europa an op der Welt. Ech waarde mat Spannungen op déi Verhandlungen, déi haut stattfannen zu Bréissel, well déi hu Konsequenzen op d'Lëtzebuerger Ekonomie, deemno wéi a wat geschitt. Dofir muss een dat och ganz gutt am A behalen, wann een iwwert d'ekonomesch Situatioun schwätzt.

Ech mengen, datt mer gutt virbereet sinn, besser wéi vill aner Länner, fir déi Zäit, déi elo kënnt, an déi Méint, déi elo kommen. Ech hoffen, datt et bei Méint bleift. Et muss een awer kucken, fir déi kënnen ze iwwerstoen.

Ech widderhuelen nach eng Kéier dat, wat ech d'lescht Kéier am Budgetsrapport gesot hat, an zwar, datt mer momentan engem duebelen Défi ausgesat sinn. Dat ass engersäits ze kucken, wa mer eng Croissance hunn, wéi mer déi géréieren, fir déi sou vill wéi méiglech ze ënnerstëtzen, mä anererséits och prett ze sinn all Moment, wann et eng Kéier méi lues geet, fir reaktiounsfäeg ze sinn an eis d'Méiglechkeeten ze ginn, déi Zäit, wou et méi lues geet, och ouni Schued ze iwwerstoen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Wiseler. Mir maachen elo e klenge Changement. Amplaz vum Här Ben Fayot huele mer nach den Här Gusty Graas mat zéng Minutten an da maache mer fir de Moie Schluss. De Mëtten um halwer dräi fuere mer da weider. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi de Rapporteur, den Emile Calmes, de leschten 12. September hei am Haus de Budget iwwerreecht kritt huet, du stoungen d'Zeechen nach op enger gudder wirtschaftlecher Konjunktur. Mä nëmme kuerz Zäit duerno sollte jo dunn awer déi neiste Chifferen aus deenen zoustännege Finanzverwaltungen d'Diskussioun zum Deel an eng aner Richtung drainéieren. Haut wësse mer, datt och hei zu Lëtzebuerg e wirtschaftleche Ralentissement méiglech ass. Mir ware jo u sech dru gewinnt an hunn et als selbstverständlech ugeholl, datt hei zu Lëtzebuerg fir e méi luese Wirtschaftswuesstum keng Plaz wier.

Grondfalsch wär et allerdéngs elo, fir an eng Panikstëmmung ze verfalen. Villméi soll een hei mat Rou a mat Besonnenheet un déi nei Situatioun erugoen. Wien an dëser Situatioun vun enger déiwer Kris schwätzt, dee verkennt mat Sécherheet d'Realitéit, well e Bléck iwwert d'Grenze weist eis, wat eng wierklech ekonomesch Kris u sech duerstellt. Dat, wat mir elo hei zu Lëtzebuerg erliewen, ass net ganz agreabel, mä fir duerfir awer elo gläich eng Depressioun ze maachen, dat wär jo mat Sécherheet awer onverständlech.

Als gläichzäitege Kommunalpolitiker, wéi vill Kolleeginnen a Kolleegen heibannen, entwéckelt een natierlech automatesch e Reflex, fir den Impakt vum Statsbudget 2003 op d'Gemengefinanzen ofzeweien. Besonnesch d'Ukënnegung vum Budgetsminister an der Finanzkommissioun, datt ab dem Joer 2004 mat engem gréissere Réckgang vun der Gewerbesteier ze rechne wär, huet erwaartenerweis an dem Gemengesecteur zu enger gewëssener Opreegung gefouert. De Berechnunge vun der Steierverwaltung no sollen 2004 nëmmen nach 300 Milliounen u Gewerbesteier an d'Keess kommen. Dat wären 43% manner wéi d'Joer 2002, a souguer 50% manner wéi déi, déi ze erwaarde ware fir d'Joer 2003.

Bei deene Perspektiven ass et normal, an dat hu mir de Moie scho vun eenzelne Riedner héieren, dass verschidde Gemenge sech op eemol schonn um Rand vum Ruin gesinn. Ech mengen awer, et muss ee fairerweis hei ënnersträichen, dass een der Regierung gutt ka schreiwen, dass se dës negativ Entwécklung net verheemlecht huet, mä hei mat oppene Kaarte vis-à-vis vun de Gemenge gespillt huet.

***(Brouhaha général)***

Jiddefalls zu wat dass et féiert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Et wär awer nawell schlëmm, wann d'Regierung dat doten net gemaach hätt, wa si et gewosst hätt.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här Gibéryen, zu wat dass et féiert, wann een net mat oppene Kaarte spillt, dat erliewe mir jo de Moment an eisem Nopeschland Däitschland.

Jiddefalls d'Gemenge sinn zu dësem Zäitpunkt virgewarnt. Si wëssen, dass se hir pluriannuell Investitiounspläng deenen neie finanziellen Entwécklungen upassen. Allerdéngs soll hei ganz kloer net ignoréiert ginn, dat ass evident, datt sech, ebe bedingt doduerch, datt eng Rei vu gréissere Projeten a ville Gemenge schonn entaméiert sinn, kënnen a wäerte gewëssen Engpäss elo astellen. Et gëtt jo elo proposéiert, fir op Basis vum Artikel 144 vum Gemengegesetz e Fonds de réserve ze schafen, deen da mat den Iwwerschëss vun der Gewerbesteier aus dem Exercice 2002 an 2003 soll alimentéiert ginn. Et kann een an deem Kontext vläicht emol d'Zwëschefro stellen, ob een net soll, besonnesch bei gudder Konjunktur, esou Fonds de réserve méi regelméisseg um kommunale Plang alimentéieren.

Et däerf een natierlech net vergiessen, dass d'Gewerbesteier direkt un d'Kollektivitéitssteier gebonnen ass. Béid Steiere ginn um Benefiss vun den Entreprisë verrechent, an dann ass et natierlech net auszeschléissen, dass sech am Laf vun deene kommende Jore kéint e Réckgang bei der Kollektivitéitssteier astellen. Da wësse mir jo awer och, datt, wa manner konsuméiert gëtt, dat eng Inzidenz op d'TVA huet, wat also kéint bedeiten, dass theoretesch de Fonds communal de dotation financière an deenen nächste Jore kéint manner héich dotéiert sinn, wéi dat elo de Fall ass. Ech wëll awer drun erënneren, dass d'Dotatioun fir d'nächst Joer, also fir den Exercice 2003, nach 5,08% méi héich ass wéi dat de Kont aus dem Joer 2001 ausweist. Trotzdeem hu mir dëst Joer schonn am Budget, par rapport zu dem Budget initial am leschten Entworf, e Réckgang vun 22 Milliounen, wat d'Dotatioun vum Fonds communal de dotation financière ubelaangt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass also ze verstoen, dass eenzel Gemengemammen a Gemengepappen elo vläicht manner gutt wäerte schlofen. Si hunn natierlech méi Schwieregkeeten déi zimlech kal Dusch ze erdroen, well ebe bedéngt duerch déi héich Investitiounsquot, déi an eenzelne Gemenge war, mä déi awer net méi direkt a Relatioun mat hiren eegene Liquiditéite stoung, dat natierlech elo kann zu gewëssene Problemer féieren.

Ech wëll hei net generaliséieren, mä et muss een awer soen, dass eenzel Gemengen an deene leschte Joren net grad ëmmer zimperlech mat öffentleche Gelder ëmgaange sinn.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wéi eng waren dat?

M. Gusty Graas *(DP)*.- Oh, et gëtt der genuch. Mir brauchen se hei net opzezielen.

***(Brouhaha général)***

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Sinn dat déi, déi elo déi héich Steiererhéijunge maachen an der Stad?

M. Gusty Graas *(DP)*.- Ech kennen zumindest eng Gemeng, déi mir ganz gutt bekannt ass, wann ech elo do emol géif opziele wéi vill Emprunten do déi lescht Joer gemaach gi sinn, a wéi d'Verschëldungsquot sech do entwéckelt huet, da muss ee munch Fro stellen.

***(Interruption)***

Dat gitt Dir den nächste Freideg gewuer.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Mä wéi gesot, wat richteg ass, a wat een net däerf an der Diskussioun vergiessen ass, dass gewësse Gemengen an deene leschte Joren eng Rei vun Emprunte gemaach hunn, an ech kann dat jo och hei beleeën. Wann een elo d'Gesamtschold hëlt vun de Gemenge vun 1988 un - du war se 9,7 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang -, dann ass se um Enn vum Joer 2000 op 16,9 Milliarden ugewuess. Déi Gemengen, déi sech an där Zäitspan iwwerméisseg verschëlt hunn, wäerten natierlech effektiv an deenen nächste Joer méi Problemer kréien, well eben am Budget ordinaire d'Marge méi enk gëtt.

D'Fro muss och da gestallt ginn, ob een net emol eng Kéier soll Richtlinnen ausschaffen, wéi héich iwwerhaapt eng Verschëldungsrat vun enger Gemeng ka sinn. Ech wëll hei op e Pabeier hiweisen, dee meng Partei de 17. Januar dëst Joer publizéiert huet, iwwert d'Kompetenzopdeelung tëschent dem Stat an de Gemengen. An do hu mir ënner anerem Folgendes festgehalen: „En ce qui concerne l'endettement des communes, le DP estime opportun d'étudier la définition et l'application d'une ligne de conduite précise pour que les communes soient tenues à respecter un certain seuil d'endettement."

Dann däerf een natierlech och net de Problem vun den héijen Nofolgekäschten aus den A verléieren. Ech wëll hei op de Rapport vum Emile Calmes nach eng Kéier zréckkommen, deen och dorobber e groussen Akzent gesat huet, well och dat kann natierlech fir d'Gemengen e gewëssene Problem duerstellen.

Wa mir natierlech vun enger rationneller Gestioun vun de Gemengefinanze schwätzen, da muss een awer och un d'Reform vun der Gemengekontabilitéit hei erënneren. Et wär duerfir wichteg, dass de Projet vun der kommerzieller Kontabilitéit um kommunale Plang géing weider gedriwwe ginn. Ech wëll allerdéngs awer och hei direkt d'Aschränkung maachen, dass een eng Gemeng natierlech net wéi e private Betrib féiere kann, mä Elementer vun enger kommerzieller Approche sollen trotzdeem e gewëssenen Afloss op d'Gestioun vun enger Gemeng hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëschter, an deelweis de Moien, ass jo awer e bëssen ugeklongen, wéi wann de Stat elo géing d'Gemenge komplett am Stach loossen. Ech mengen, dat muss een awer wierklech hei relativéieren, well wat d'Gewerbesteier ubelaangt, kann de Stat jo awer net méi ausschëdde wéi hien anzitt. Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren - dat wëssen d'Kommunalpolitiker jo all -,...

***(Interruptions diverses)***

...dass d'Gewerbesteier eng reng kommunal Steier ass, déi 1941 agefouert gouf. Bis 1943 hunn d'Gemengen se selwer agezunn, dunn hu si awer wéinst Personalmangel déi Aarbecht dem Stat iwwerdroen. Effektiv nodeems dass den Taux d'assiette d'lescht Joer vu 4% op 3% erofgesat ginn ass, huet se fir d'Gemengen nach weider un Envergure verluer. Dofir - dat soen ech ganz kloer hei - kann et fir eis, als Kommunalpolitiker, natierlech net a Fro kommen, dass d'Gewerbesteier ersatzlos géing gestrach ginn, mä ech mengen awer, mir sollen eis trotzdeem eeschthaft Gedanken iwwert d'Zukunft vun der Gewerbesteier maachen.

***(Interruption)***

Ech wëll hei betounen, dass d'Demokratesch Partei am Prinzip fir d'Ofschafe vun der Gewerbesteier ass, allerdéngs ganz kloer mat der Oplag, dass eng gläichbedeitend Kompensatioun dee Moment géing geschafe ginn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dir huelt an engem Saz dräimol d'Kéier!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Do kann een allerdéngs zum Beispill envisagéieren, dass een d'Gemenge participéiere léisst un eenzelne Statsrecettë mat engem fixen Taux, sief dat zum Beispill un der Lounsteier, sief dat zum Beispill un der TVA, mä ech mengen, mir sollen do mat Besonnenheet un déi ganz Problematik erugoen, a kucken, inwiefern dass ee kann en anere Schlëssel fannen, well da géingen nämlech d'Gemengen d'selwecht ootme wéi de Stat, wa sech eng Kéier de Schnapp géing astellen.

Une voix.- Très bien.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Et ass schonn eng Gripp, et ass kee Schnapp!

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Gusty Graas *(DP)*.- Ech wëll dann awer hei ënnersträichen, wat déi wirtschaftlech Diversifikatiounspolitik ubelaangt, dass et wichteg ass, dass do d'Gemengen an Zukunft hir Efforte maachen, an dass déi Gemengen, déi sech bereet erklären, fir nei Betriber op hirem Territoire unzesiedelen, dee Moment awer sollen e gewësse fiskaleschen Avantage kréien.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Dir mengt zum Beispill en Atomkraaftwierk zu Beetebuerg, oder esou?

***(Brouhaha général)***

M. Gusty Graas *(DP)*.- Wat zum Beispill déi wirtschaftlech Diversifikatiounspolitik ubelaangt, wëll ech awer op dëser Plaz ënnersträichen, dass déi Kriticken, déi vun der LSAP déi lescht Zäit hei gemaach gi sinn, mat Sécherheet awer net richteg sinn.

Esou huet zum Beispill d'FEDIL, an ech mengen awer, Dir Hären, dass d'FEDIL zumindest genausou vill kennt vu Wirtschaftspolitik wéi Dir, am Echo de l'Industrie am Oktober 2002 Folgendes geschriwwen: „Les efforts du ministère de l'économie pour le développement et la diversification de notre site industriel ont été poursuivis sans relâche durant les années écoulées. A une politique qui vise à attirer de nouvelles entreprises au Grand-Duché s'est ajoutée une action forte, qui vise à promouvoir le développement endogène au Luxembourg". Et soll also hei och nach eng Kéier drun erënnert ginn - a mäi Fraktiounschef huet dat gëschter och schonn eng Kéier hei ënnerstrach -, datt zum Beispill am Joer 2000 14 nei Betriber mat 423 Plazen, an am Joer 2001 nach eng Kéier 14 Betriber mat 296 Plaze geschafe goufen.

An da wëll ech hei och nach un déi lescht Initiativ vum Wirtschaftsminister Henri Grethen erënneren, déi d'Kreatioun vun enger Pépinière d'entreprises op Belval-West duerstellt, wou jo sechs bis aacht Firme pro Joer ugesidelt solle ginn. An dat géing dann an enger Zäitspann bis d'Joer 2012 ronn 30 Entreprisen ausmaachen. Zu Recht huet also de Statsminister Juncker an engem Interview mam Lëtzebuerger Wort de leschte Samschdeg gesot: „Ich habe mich über die Arbeit von Henri Grethen nicht zu beklagen".

Plusieurs voix.- Mir awer!

Une voix.- Här President, dat wonnert eis jo net. Mä mir hunn eis awer driwwer ze bekloen. An och vill Leit an der Wirtschaft.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer iwwert d'Gemengefinanze schwätzen, da musse mer natierlech awer och e Wuert iwwert d'Grondsteier verléieren. Dat ass de Moie scho vum Här Gira gemaach ginn.

Am Joer 2001 sinn zum Beispill ronn 22,3 Milliounen Euro u Grondsteier erakomm. Dat ass u sech e relativ bescheidene Chiffer, wann een d'Gesamtrecetten…

***(Interruption)***

… - Dir sot Peanuts. Jo, mir begéinen eis also do plus au moins, wat d'Terminologie ubelaangt. Mä et ass effektiv e relativ bescheidene Chiffer, wa mer dat elo am Kontext vun de ganze Recette gesinn. Besonnesch an enger Zäit - an do ginn ech Iech och Recht Här Gira - wou d'Notzung vun dem Terrain ëmmer méi problematesch gëtt, soll ee sech Gedanke maachen, inwiefern datt een eng Grondsteier kéint gegebenenfalls adaptéieren. Dofir kann een awer och soen, datt eng eventuell Neifixatioun vun der Grondsteier prioritär awer och dem ekologeschen Développement durable soll Rechnung droen. Donieft, wéi gesot, ass och d'Flächeversigelung awer en Element wat een do misst mat respektéieren.

Insgesamt wëll ech soen, dass ech perséinlech der Meenung sinn, et soll ee versichen an Zukunft de Fräiraum vun de Gemengen, fir eege Recetten ze schafen, nach ze vergréisseren. Dat bedéngt natierlech vill méi en déiwen Débat. Mä ech géing awer soen, spéitstens wa mer hei iwwert d'Opdeelung vun de Kompetenzen tëschent dem Stat an de Gemengen diskutéieren, misst dat do awer en Element sinn, wat am Fong misst méi duerchdiskutéiert ginn.

Ech soe jo: Dat do sinn eng Rei vun Elementer déi wichteg sinn, déi och an där ganzer Diskussioun do mussen dee Moment verdéift ginn. Mä perséinlech, wéi gesot, sinn ech der Meenung, dass ee muss kucken, fir esou wäit ewéi méiglech de Fräiraum vun de Gemengen, wat eben d'Schafe vun eegene Recetten ubelaangt, nach ze vergréisseren.

Ech wëll zum Schluss dann awer vläicht och nach e kuerzt Wuert iwwert de Conseil supérieur des Finances hei verléieren, eng Initiativ, déi mir als Demokratesch Partei och begréissen. Am Prinzip soll dee Conseil jo elo Ufanks vum nächste Joer a Kraaft trieden. Wat wichteg ass, ass, datt eng paritéitesch Zesummesetzung do entsteet, datt also all Gemeng sech doranner och erëmfanne kann, souwuel déi kleng wéi och déi grouss, well mer jo awer wëssen, datt d'Problemer vun deene Gemenge mat 500 Leit de loin net déi si vu Gemenge mat 15.000 Leit. Mä ech hunn awer do Hoffnung, datt dat Organ senger Missioun awer ouni Zweiwel wäert gerecht ginn.

Erlaabt mer vläicht ofschléissend awer dann nach dem Emile Calmes merci ze soen, deen ouni Zweifel hei en excellente Rapport gemaach huet, dee mat Sécherheet och eng ganz wichteg Bedeitung an der Zukunft nach wäert kréien. Dovunner sinn ech iwwerzeegt. Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Graas. Domadder si mer fir haut de Moien um Enn, a mir fueren haut de Mëtten um halwer dräi mam Här Ben Fayot weider. Ech hiewen d'Sitzung op.

***(Fin de la séance publique à 12.16 heures)***

## Ordre du jour

1. Communication
2. 5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003
   *(Discussion générale - suite - Vote sur le temps de parole)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs et M. Charles Goerens, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

D'Regierung schéngt de Mëtte keng Kommunikatioun ze maachen ze hunn?

***(Négation)***

### 1. Communication

Par lettre du 11 décembre 2002 Monsieur le Député François Bausch a informé le Président de la Chambre qu'il désire interpeller le Gouvernement au sujet de la politique ferroviaire.

Fir haut de Mëtte fuere mer weider mat eisen Debatten iwwert de Budget vum Joer 2003. Déi nei Riednerlëscht ass amgaang verdeelt ze ginn. Als éischte Riedner ass fir haut de Mëtten den Här Ben Fayot agedroen. D'Wuert huet den Här Fayot.

### 2. 5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003 (suite)

***Discussion générale (suite)***

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, eigentlech gëtt d'Politik elo erëm méi spannend. Wa manner Suen do sinn, da muss een nämlech politesch Prioritéiten treffen, déi weisen, wou ee steet a wat ee genee wëllt.

Ech wëll dofir a menger Interventioun, no deenen ausféierlechen Interventioune vum Här Bodry a vum Här Krecké, manner iwwert d'Zuele vum Budget schwätze wéi iwwert d'Politik, déi hannert deenen Zuele steet.

All Regierung huet hir eege Prioritéiten. Dës Regierung hat der e puer ugekënnegt, wéi zum Beispill d'Bildungsoffensiv. Si huet vill vun Integratioun geschwat. Si huet par ailleurs geduecht, wéi se ugetratt ass, si kéint gemittlech weiderfueren ze verdeelen, vill a grouss ze bauen, de Wuesstum ze géréieren. Nohalteg Entwécklung war och e Schlagwuert. A well se international e bëssen ënner Beschoss koum, huet se geduecht en halleft Schëff an e ganzen Transportairbus ze kafen, fir méiglechst schnell méiglechst vill Sue lass ze ginn an esou an de Prozenter fir d'Verteidegung besser do ze stoen. Bis virun engem Mount konnt een unhuelen, dat géing alles esou opgoen, Lëtzebuerg wär eng Insel vu Wuelstand an engem Mier vu Krisen. Mä elo muss dës Regierung weisen, dass se och manner gutt Zäite meeschtere kann.

Här President, d'Selbstzefriddenheet vun de Lëtzebuerger gouf laang Jore gefördert duerch ons brillant materiell Situatioun. Iwwerall stounge mer uewen an de Statistike vum Räichtum. All Joer sinn dem Stat nach méi Milliarden, wéi e virgesinn hat, an de Schouss gefall, ouni dass en de klenge Fanger geréiert hat. Trotz där brillanter materieller Situatioun huet de Wuerm vum Zweifel säi Wee gemaach, net onbedéngt bei de Regierungsparteien, mä dach bei munche kritesche Lëtzebuerger.

An enger Zäit vu Globalisatioun gëtt et esou eppes wéi internationale Benchmarking. Do ginn d'Performancë vun de Länner matenee verglach. D'PISA-Etüd war esou e Verglach, a mir wësse wéi verheerend e fir Lëtzebuerg ausgaangen ass. De Benchmarking zum Beispill vum eGovernment war och verheerend. Déi Etüden hu gewisen, dass e materiell räicht Land wéi Lëtzebuerg dat nach laang net ëmmer an intellektueller Hinsicht ass. Wou eis Ustrengunge musse leien, ass doduerch méi kloer ginn.

Här President, wat mech an der Lëtzebuerger Politik, déi ech an de leschten dräi Joer erlieft hunn, besonnesch bedréckt, dat ass déi Konzeptlosegkeet, deen intellektuellen Duerchernee bei munche Leit, déi dëst Land regéieren an op d'Zukunft preparéiere sollen. Et gëtt etlech Beispiller. Ech wëll der just nëmmen zwee nennen.

Am Ufank huet et geheescht, keng vollëmfänglech Universitéit, an elo soll eng relativ ëmfänglech Universitéit kommen. Et huet och geheescht, keng duebel Nationalitéit. Elo gëtt se erbäigeruff vu bal alle Bänken, besonnesch op der Majoritéitssäit.

Här President, ech wëll besonnesch véier Froe behandelen, déi, iwwert dat Materiellt ewech, fir d'Liewen haut a muer zu Lëtzebuerg wesentlech sinn. Et si Froen, déi Lëtzebuerg fir déi nächst Jorzéngte façonnéiere wäerten, an déi, jee nodeem se beäntwert ginn, an déi eng oder aner Richtung féieren. Et si Froen, déi och a manner gudden Zäite geléist musse ginn. Et ass éischtens d'Fro vun der Integratioun an der Kohäsioun vun eiser Gesellschaft. Et ass zweetens d'Fro vun der nohalteger Entwécklung. Et ass dréttens d'Fro vun der Politik am intellektuellen a kulturelle Beräich. An et ass véiertens d'Fro vun der Schoul.

Éischte Punkt: D'Integratioun an d'Kohäsioun vun der Gesellschaft.

Si hu mat dem Zougank zur Nationalitéit an zur politescher Participatioun, mat der Beherrschung vum Sproochesystem, mat der Auslännerpolitik, an och mat Europapolitik ze dinn. D'Manéier, wéi mer dës Froen uginn, wäert de politesche Klima vun den nächste Jore bestëmmen. Kréie mer eng Well vu Populismus a Friemenhaass, wéi mer dat a munch anere Länner an Europa gesinn? Net méi spéit wéi Enn November zum Beispill an der Schwäiz? Oder bleiwe mer dat oppent an tolerant Lëtzebuerg, wat zesumme mat de 37% Auslänner, déi hei liewen a schaffen, eng fortschrëttlech Gesellschaft ouni Scheiklappen opbaut?

Wéi dës Majoritéit, déi d'Land regéiert, dat gesäit, ass mer net kloer. Jiddferee weess, dass mer dës Auslänner brauchen. Eis Ekonomie an eis Spideeler, eis Botzfirmaen, eise Bau, eis Fabriken an eis Hôtellerie kommen ouni Auslänner net aus.

D'Regierung fënnt keng Lëtzebuerger Zaldoten, an dofir wëllt se och Auslänner an d'Arméi ophuelen. Mä jiddferee weess och, dass Lëtzebuerg kee Kuwait däerf ginn, wou déi eng schaffen an déi aner d'Politik maachen. Deen intellektuellen Duercherneen, vun deem ech geschwat hunn, huet sech op eng penibel Manéier an der Fro vun der duebeler Nationalitéit gewisen. Den 12. August 1999 huet den Här Juncker an der Chamber gesot, ech zitéieren en: „Anstatt eng Debatt iwwert d'duebel Nationalitéit lasszetrieden, déi mer eis aus ville Grënn erspuere sollten, wëlle mer d'Konditiounen, fir Lëtzebuerger ze ginn, erliichteren."

Genee de Géigendeel ass agetraff. D'Konditioune fir Lëtzebuerger ze ginn, sinn erschwéiert ginn an d'Debatt iwwert d'duebel Nationalitéit ass nawell grad lassgetratt ginn. D'CSV war dogéint. D'DP war mordicus dogéint, bis dann elo viru kuerzem hire Fraktiounspresident dat als „das Ei des Kolumbus" fir d'Integratioun duergestallt huet. Deeselwechten Duercherneen ass och bei der Zouloossung vun Net-Lëtzebuerger an d'Arméi gewiescht. Fir d'éischt hätt ee jo gären auslännescht Kanounefudder gehat, mä ouni deenen Zaldoten Zougank zu Deeler vun der öffentlecher Fonctioun ze ginn. Eng offensichtlech Diskriminéierung, mat där Lëtzebuerg bei der éischter Plainte virum europäesche Geriichtshaff op d'Nues gaange wär.

Net besser ass et mat der Fro vum Lëtzebuergeschen. Op all Téinaarte gëtt verlaangt, dass Auslänner Lëtzebuergesch léiere sollen. Fir Lëtzebuerger ze ginn, muss ee scho Lëtzebuergesch kënnen, mä néirens am Budget fannen ech eng besonnesch Ustrengung dofir. Ech gesinn och net, wou d'Betriber ënnerstëtzt ginn, fir hiren auslänneschen Employéë während der Aarbechtszäit lëtzebuergesch Coursë ginn ze loossen. Lëtzebuergesch léieren ass nach ëmmer schwéier, well et net genuch qualifizéiert Enseignanten dofir gëtt.

Wéivill Lëtzebuergesch ee muss kënnen, fir Lëtzebuerger ze ginn, huet och nach kee beschriwwen. Dat soll jo hoffentlech elo op der Uni Lëtzebuerg nogeholl ginn. Zu dësem Problemkreess gehéiert och d'Fro vun der Aktualiséierung vum Friemegesetz vun 1972 a vum Gesetz vun 1993 iwwert d'Integratioun vun den Auslänner.

Et gëtt wichteg ONGen, déi dës Aktualiséierung froen. An ech mengen, et hätt ee sech och erwaart, dass eng Majoritéit, déi oft vun Integratioun schwätzt, déi zwee Gesetzer emol wéinstens évalueiert hätt. Bis eng europäesch Gesetzgebung iwwert d'Awanderung an dem Asyl do ass, muss Lëtzebuerg sech gesetzlech Instrumenter ginn, déi den heitege Migratiounen ugepasst sinn. Awanderung ass net nëmmen eng Fro vun Aarbechtskräften. Et ass och eng Fro vu Mënscherechter a vun humanitärer Astellung vis-à-vis vu Leit mat verschiddene Motivatiounen, déi aus hirem Land flüchten. Dee lamentablen Zoustand vun deem Heem Don Bosco um Lampertsbierg, wou mer Flüchtlingen ëmfänken, sprécht Bänn iwwer ons Astellung vis-à-vis vun de Friemen.

Eng geregelt Immigratioun aus Drëttlänner kann nëmmen iwwer legal Kanäl an Ofkommes mat Drëttlänner stattfannen, esou wéi mer dat sengerzäit mam Cap-Vert an och mat Jugoslawien gemaach hunn. Mir ënnerstëtzen dofir d'Regierung - ech wëll dat hei ganz kloer soen -, wa se sech d'Mëttele gëtt, fir déi illegal Immigratioun ze bekämpfen. Mir brauchen eng europäesch Asyl- an Immigratiounspolitik. Mä och heiheem brauche mer genuch Beamten a Riichter, fir d'Asylprozedure schnell a grëndlech duerchzeféieren, fir ze verhënneren, dass mer vun Immigranten iwwerlaf ginn, déi eigentlech keng Asylante sinn.

Och d'Integratioun vu Bierger aus Drëttlänner, déi legal hei résidéieren, muss encouragéiert ginn. D'Gesetz vun 1993 ass nëmmen en éischte Schrëtt. Ech begréissen dofir och ausdrécklech déi Ouverture an der Reform vum Wahlgesetz deene Bierger géintiwwer. D'Hëllef um sproochleche Gebitt muss och vis-à-vis vun deene vill méi intensiv sinn. Déi Integratioun kann net nëmme wirtschaftlech Zwecker hunn, mä muss zur gesellschaftlecher a politescher Integratioun bäidroen. Och déi Associatiounen, déi sech ëm déi Integratioun beméien, solle méi ënnerstëtzt ginn.

Zweete Punkt, op deen ech kuerz wollt agoen, ass d'nohalteg Entwécklung.

D'nohalteg Entwécklung huet jo dës Chamber schonns intensiv beschäftegt, an zulescht an eisem groussen Débat de 4. Juli 2002.

Fir d'nohalteg Entwécklung ass den Ëmweltminister zoustänneg. Ech gesinn am Budget 2003 keng wesentlech nei Akzenter op deem Gebitt. Am Joer 2003 soll de System vun Indicateure vun der nohalteger Entwécklung en place gesat ginn, op där anerer Säit stellt sech d'Fro vum Anenanergräife vu Landesplanung an nohalteger Entwécklung. Allerdéngs beim neie Waasseramt ginn der Ëmweltdirektioun vun Eaux et Forêts wichteg Kompetenzen ewechgeholl. Insgesamt muss ee soen, dass an dëser Regierung den Ëmweltministère geschwächt ginn ass. Och d'Usiedele vun der Landesplanung an der nohalteger Entwécklung an zwee verschiddene Ministèren dréit sécher net zur Kohärenz bäi, mécht d'Synergië méi schwéier an ass héchstwahrscheinlech en zousätzleche Käschtefaktor.

Et ass méiglech, dass d'nohalteg Entwécklung duerch déi méi lues wirtschaftlech Croissance awer nach Opdriff kritt. Leider gesäit et esou aus, wéi wann déi zwee, d'nohalteg Entwécklung an de Wirtschaftswuesstum, e géint deen aneren ausgespillt géife ginn. Mir Sozialiste sinn net der Meenung, dass Ekologie, Respekt virun der Natur, e schounenden Ëmgang mat den natierleche Ressourcen incompatibel mat wirtschaftlechem Wuesstum wären, wéi dat ënnert dem Schock vum wirtschaftlechen Abroch hei an do gemengt gëtt.

Mir mengen, dass Liewensqualitéit, Uerdnung am Landverbrauch duerch eng virsiichteg Landesplanung an e gudden öffentlechen Transport ganz grouss Trëmp fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg sinn. Mir mengen och, dass vill méi wéi an deene vergaangene Joren dono muss gekuckt ginn, wéi eis natierlech Espacen an Noërhuelungsgebidder erhale musse ginn. Sécher sinn Industrie- an Aktivitéitszone wichteg, mä grad esou wichteg ass d'Meeschtere vum Verkéier, deen doduerch entsteet.

Mir hu scho bei der Debatt iwwert d'nohalteg Entwécklung iwwert den Zoustand am Ballungsgebitt vun der Stad Lëtzebuerg an där Hisiicht geschwat. Ech hu mat Interesse d'Kloe vum Handwierk gehéiert, déi iwwert déi vill Zäit kloen, déi hir Handwierksleit am Stau all Dag verléieren.

An den nächsten zwee Joer, also 2003 an 2004, soll jo e Concept intégré de l'aménagement du territoire et des transports tëschent sechs Ministèren ausgeschafft ginn. Et soll och e Plan sectoriel transports am Kader vun der Landesplanung opgestallt ginn. A fir 2003 ass fir d'éischt eng Provisioun virgesinn, fir eng Studië fir eng Zuchverbindung iwwert de Findel op de Kierchbierg an de Sennénger Bierg.

Dat alles, wann een dat esou gesäit am Budget, léisst erkennen, dass um Plang vun der Stad Lëtzebuerg an der Agglomeratioun vun der Stad Lëtzebuerg sech soubal näischt um herrschende Chaos wäert änneren. Dat ass de Präis, deen dës Regierung bezuele muss, well se all déi Viraarbecht vun der virechter Regierung an den Tirang geluecht huet an erëm vu vir ugefaangen huet. Dat ass de Präis dofir, dass weder CSV nach DP sech konsequent waren.

Ech erënneren nach eng Kéier un d'Konklusioune vum Rapporteur Emile Calmes bei der Debatt iwwert d'Nohaltegkeet. Deemools war de Rapporteur jo zimlech ënner Beschoss geroden. Dat huet hien awer net dru gehënnert, fir schlussendlech dach nach Rapporteur vum Budget dëst Joer ze ginn.

***(Interruption)***

Hien hat jo deemools geschriwwen, an d'Majoritéit vun der Kommissioun hat him Recht ginn: „Considérant les mesures prévues par le programme „mobilitéit.lu", la commission estime qu'il faudrait suspendre tout nouveau projet de construction routière."

Dat ass jo du verwässert ginn an enger Motioun. Dat ass jo dunn ënnert den Dësch gefall, a well den Här Calmes Berichterstatter iwwert d'nohalteg Entwécklung war, hunn ech säi Budgetsbericht mat Spannung erwaart. Ech wollt doranner Zeeche fannen, wéi et dann elo mat der nohalteger Entwécklung an der jetzeger Politik vun dëser Regierung a vun dëser Majoritéit weidergoe soll.

Et gëtt dann am Budgetbericht eng Partie Säiten iwwert de Protokoll vu Kyoto an d'Energieversuergung vu Lëtzebuerg. Ech hunn dat opmierksam gelies. Et gëtt allgemeng Bemierkunge wéi déi hei - dat ass elo deen zweete Bericht vum Här Calmes: „Il s'agit de maintenir la compétitivité des entreprises luxembourgeoises tout en tenant compte des contraintes environnementales légitimes." Dat ass sécher e fromme Wonsch an e gudde Wonsch, mä wéi dat soll gemaach ginn hunn ech awer néirens gelies.

Et gëtt Iwwerleeungen iwwert d'Méiglechkeete fir d'Lëtzebuerger Ekonomie duerch den Développement durable. En anere fromme Wonsch, ech zitéieren en: „Afin d'être autorisé aux mécanismes de flexibilité du protocole de Kyoto, il s'avère nécessaire de disposer d'inventaires d'émissions." Wou sinn déi Inventaires d'émissions? Mir brauchen och Indicateuren. Si ginn nach ëmmer studéiert. De Rapport freet sech, wéi ee mat Entwécklungslänner zesumme schaffe kann. E mengt och, dass déi CDM'en (mécanismes de développement propre) vum Ëmweltministère missten ofhänken.

Dat ass allerdéngs wéineg prezis, Här President, a wéineg contraignant. De politesche Punkt ass jo deen: Et ass jo awer net iergendee Berichterstatter. Dat ass de Berichterstatter vun enger Partei, déi an der Regierung souwuel den Ëmwelt-, wéi de Kooperationsan de Wirtschaftsminister huet. Dat ass fir mech e bëssen d'Enttäuschung, dass een doraus net eng Partie politesch Prioritéite fir déi lescht zwee Joer vun dëser Regierung erausgeschielt huet.

En drëtte Punkt geet iwwert dat, wat een eis intellektuell Infrastruktur zu Lëtzebuerg kënnt nennen.

Ech verstinn dorënner zum Beispill den Zougang zum Internet an de Gebrauch vum Internet am intellektuelle wéi am wirtschaftleche Beräich, oder och d'Uni Lëtzebuerg, oder den Ausbau an d'Mëttele vun der Fuerschung a vum Transfert de technologies am Interesse vun de Betriber wéi vum

Liewen insgesamt, esou wéi de gesamte Kulturberäich, deen ëmmer méi wichteg an eiser Gesellschaft gëtt.

Wat d'Kultur ugeet, hat d'Regierung an hirer Regierungserklärung ugekënnegt, d'Gesetz vum 28. Dezember 1988 iwwert d'Kulturinstituter ze aktualiséieren. Dëst Zil, wéi mir gesot kruten an enger Kommissiounssitzung mat der Madame Kulturminister, schéngt an der Zwëschenzäit fale gelooss ginn ze sinn. Ech mengen, do stellt sech en echte Problem an deem Zesummenhang, well déi Kulturinstituter, déi 1988 reorganiséiert gi sinn, sinn haut net nëmme méi Verwaltunge mä regelrecht Déngschtleeschtungsbetriber am Kulturberäich. Si sinn och personell ënnert der Pressioun vun der Realitéit vun der Demande explodéiert. Vill Situatioune sinn do ze regulariséieren.

Iwwert d'Kultur zu Lëtzebuerg ass vill ze soen, an et muss een agestoen, dass villes an de leschte Jore geschitt ass an och elo nach geschitt. Besonnesch säitdeem Lëtzebuerg 1995 Kulturhaaptstad war, huet d'Kulturliewen zu Lëtzebuerg säin Opschwong weidergefouert. Mir begréissen et ausdrécklech, dass den OPL, den Orchestre philharmonique vu Lëtzebuerg, dank dem Stat elo seng finanziell Onofhängegkeet huet a sech weiderentwéckele kann. De Modell, fir iwwer Sponsoring vun der Privatwirtschaft a Prestigekultur investéieren ze loossen, ass feelgeschloen. De Stat huet hei eng Verantwortung - dat hu mir ëmmer nach gesot -, déi allerdéngs net op d'Musek ka reduzéiert bleiwen.

Et ass bekannt, dass vill Neibauten amgaange sinn, déi d'Kultur zu Lëtzebuerg präge wäerten. Muer mussen déi géréiert a mat Liewen erfëllt ginn. Mä dach muss een allgemeng bedaueren, dass zwar vill Sue fir Bauten a fir Prestigeprojeten zur Verfügung stinn - géint déi mir näischt hunn -, mä ze wéineg fir innovativ an alternativ Kultur. D'Verhältnis ass einfach net richteg. Vill Kulturschaffend - dat ass am Fong geholl, wéi soll ech soen, dee fertilen Terrain vun deem och emol Prestigeprojeten erauskommen -, privat Theatergruppen, privat Verleger, Publikatioune vu Literatur, Geschichtsfuerschung, Kënschtler, Revuë klappe sech mat grousse materielle Schwieregkeeten erëm. De Maart ass kleng, de Publikum och, an iwwert d'Grenzen ze percéieren ass nach ëmmer net einfach.

Et ass offensichtlech, dass et Sparten an der Konscht gëtt, déi et méi schwéier hu wéi anerer. D'Filmbranche, zum Beispill, huet sech an deene leschten 12 bis 15 Joer gutt entwéckelt. D'Gesetz vun 1989 huet zu 14 Produktiounsfirme mat 600 Beschäftegte gefouert, an dach feelt et hei u spezialiséiertem Personal. Oft ass déi Filmbranche awer nëmmen e Relais fir finanziell Montagë mat Auslänner. Si kënnt a si wëllt, menger Ansicht no, och méi gi wéi dat.

Och am Theater feelt et u Suen a spezialiséiertem Personal. Op där anerer Säit huet den Theater net genuch Publikum. D'Jugend vun de Schoule misst zum Theater, wéi iwwerhaapt un de Kulturbetrib erugezu ginn. Grad esou ass et wichteg, dass Professioneller vum Kulturmanagement national wéi regional agesat ginn, dass och déi Animateuren, déi mer schonn hunn an de Regiounen, emol eng Kéier eng Bestandsopnam vun hirer Aarbecht an de Problemer, déi se hunn, maachen, Problemer och wat d'Synergië mat de Gemengen zum Beispill ugeet.

Wéineg Künstler hunn och vum Künstlerstatut profitéiert. Jonker, déi et am meeschte bräichten, falen net drënner, wéi mer wëssen. Och hei huet de Stat, mengen ech, eng Responsabilitéit fir jonken, onofhängege Künstler den Départ ze erméiglechen. Dat alles, dat si jo och wirtschaftlech Faktoren, well do nei Aarbechtsplazen entstinn, well do nei Secteure kënnen entstoen, déi, dat muss een och gesinn, eis Wirtschaft mat diversifizéieren hëllefen.

Et ass och bekannt, Här President, dass mer vill Internet-Uschlëss zu Lëtzebuerg hunn, an dass 50% vun de Leit den Internet regelméisseg benotzen. D'Fracture numérique besteet awer effektiv, dat heescht, d'Ongläichheet wat den Accès zum Internet ugeet. Et gëtt vill manner Fraen (38%), wéi Männer (60%) am Internet. Aarbechter a Leit, déi de Stot doheem maachen, stellen héchstens 25% duer. Et si méi déi aktiv Leit, déi am Beruff stinn, déi am Internet regelméisseg ze fanne sinn. Et ass dofir ze hoffen, dass de Stat a senger Internetpolitik endlech Klorheet schaaft.

Ech erkläre mech: Et si jo - mer hunn dat viru kuerzem hei vum Här Biltgen gesot krut -, 72 Projete vun eLëtzebuerg ënnerwee. Besonnesch allerdéngs am Beräich eGovernment sti mer nach ëmmer ganz schlecht am europäesche Benchmarking do. Et ass zwar net ze verkennen, dass vill Projeten ënnerwee sinn, mä et geet ze lues, well déi Beamten, déi sech domat ofginn, nach vill aner Saachen ze maachen hunn. A wann een déi eenzel Projete kuckt, freet ee sech, wéi de Bierger sech an dem Ganzen erëmfënnt. Eng ganz Partie vun deene Projete reduzéiere sech op den éischten Niveau, dat heescht, dee vun der Informatioun. Dat ass jo schonn net schlecht, selbstverständlech, och emol heiansdo op den zweeten Niveau, dat heescht, fir Formulairen eraus ze drécken, mä interaktiv Sitë vu Verwaltungen, wou een Affären online ofwéckele kann, gëtt et ganz wéineg, mä dach, mengen ech, wär dat eng absolut Noutwendegkeet, wann ee kuckt, wéi schwiereg et haut oft ass, fir de Kontakt mat enger Verwaltung hierzestellen.

Zu der intellektueller Infrastruktur gehéiert och, fir mech op jiddefall, d'Uni Lëtzebuerg. Si ass jo bekanntlech eng politesch Schwéiergebuert an der Regierung gewiescht. D'Madame Hennicot huet missen a laange Sitzunge mat hirem Koalitiounspartner réngen, fir endlech hire Projet kënnen ze déposéieren. Mir Sozialisten hunn ni een Heel draus gemaach, dass mir eng Uni Lëtzebuerg wëllen. Ech mengen, et ass fir ons e wichtegt Instrument, fir eist Land intellektuell weider ze bréngen.

Ech hunn allerdéngs mat Erstaune gehéiert, dass de Projet wa méiglech scho fir d'Rentrée 2003 a Kraaft triede soll. Ech hunn awer am Budget keng weider Exekutiounskreditter fonnt. Do ass vill ze maachen, ofgesi vun Hörsäll a Laboen. Mir brauche Wunnenge fir d'Studenten, well mer jo Studenten aus dem Ausland hunn, net nëmme Lëtzebuerger Studenten. Mir wëllen eng zentral Unisbibliothéik. Mir wëlle Sportsinstallatiounen, an esou weider.

Och d'Fro vun der Dispersioun vun den dräi Fakultéiten um Lampertsbierg, zu Walfer an zu Esch/Belval, wéi och vun der Kommunikatioun zwëschen deenen dräi Siten ass ze léisen, net ze schwätzen dovunner, wéi een déi bestehend Raimlechkeeten zum Beispill zu Walfer fir en Unisbetrib adaptéiere kann.

Wat d'Fuerschung ugeet, esou sollen d'Kreditter, laut Regierungserklärung, vun 0,1 op 0,3% vum Bruttonationalprodukt eropgoen. Ons Centres de recherche publique hu grouss Besoinen, materiell Besoinen, wat d'Raimlechkeeten ugeet, mä och mënschlech Besoinen, wat d'Personal ugeet. Och de Statut vun de Chercheure muss endlech gekläert ginn. Et kann net ëmmer nëmmen Zäitverträg an der Recherche ginn.

Nach en Zitat vun eisem Statsminister den 12. August 1999: „D'Regierung engagéiert sech esou séier wéi méiglech, een neie Gesondheetslaboratoire bauen ze loossen. Seng Missiounen an seng Strukture gi redefinéiert. De Laboratoire national de santé soll en internationaalt Referenzinstitut ginn".

Ech hunn an deem Zesummenhank zwou Propositions de loi abruecht, déi als Zil hunn an deenen zwee wichtege Gebidder ons intellektuell Infrastruktur ze festegen: den Observatoire des médicaments an eng Agence de sécurité alimentaire. Alle béid si se geduecht, fir d'Fuerschung op deene Gebidder an d'Kollaboratioun mat auslänneschen Expären an Instituter ze entwéckelen, eng absolut Noutwendegkeet op Gebidder, wou mer an europäeschen Netzer matschaffen a wou mer eng ganz Partie Defiziter hunn.

An da véierten a leschte Punkt, d'Schoul. Am Schoulwiese si mer bis elo, trotz ugekënnegter Bildungsoffensiv, nach net zu ëmwälzende Reforme komm. Wuel sinn eenzel Mesure geholl ginn. Iwwert d'Refom vum Inspektorat gesäit een allerdéngs am Budget 2003 näischt. D'Reform vum Schoulgesetz vun 1912 ass jo ënnerwee. De Cycle supérieur vum Secondaire ass reforméiert ginn. Mä aus PISA, aus där Etüd, ass eigentlech wéineg erausgezu ginn. Et ass och erstaunlech, fir mech op jidde Fall, dass Lëtzebuerg net un der vergläichender Studie iwwert d'Enseignanten, also PITA (Program for International Teachers Assessment) deelhëlt.

Ech weess, wéi delikat dat fir d'Enseignanten ass. Déi sinn och net onbedéngt frou mat esou enger Evaluatioun. Dat versteet een esouguer, well se oft als Bouc émissaire fir all méiglech Echecë vun de Kanner an vun der Schoul duerhale mussen. Zu Onrecht zu engem groussen Deel, mä et kënnt een awer net derlaanscht, fir d'Enseignanten am Mëttelfeld vun der Schoulreform ze gesinn.

E weidere Punkt zu der Schoul, en Zitat nach eng Kéier vum Statsminister vum 12. August 1999: „Zu enger toleranter a participativer Demokratie gehéiert och den Ausbau vun der materieller staatlecher Hëllef un d'Privatschoulen".

Ech hunn deen Zesummenhank vu participativer Demokratie a Privatschoulen eigentlech nach ni richteg verstanen, mä et sief dann. Méi wéi dräi Joer no deem Aussproch läit dann elo e Gesetz iwwert d'Privatschoule vir, dat d'Gesetz vun 1982 op eng phenomenal Manéier erweidert. Niewent de Fonctionnementskäschte soll elo och den Entretien vun de Gebaier an den Investissement a Gebaier réckwierkend op déi lescht zéng Joer vum Stat zwëschent 40 bis 80% iwwerholl ginn.

Et sief drun erënnert, dass de Stat an de leschte Jore scho grouss Gebaier fir esou Privatschoule bezuelt huet. Denkt un déi International Schoul um Geesseknäppchen. Och sozio-familiär Strukture vu Privatschoule si vum Stat subsidiéiert ginn, esouwuel wat de Fonctionnement, wéi och den Investissement ugeet, an et wär interessant emol eng Kéier vun deenen zwou zoustännege Ministeschen ze héieren, wat dat alles zesummen elo schonn ausmécht.

Erstaunlech ass allerdéngs, dass de Budget vun 2003 näischt virgesäit, fir dëst Privatschoulgesetz ze exekutéieren. Ech hunn op jidde Fall näischt fonnt. Ech wëll elo hei net op den Detail vun deem Gesetz agoen, mir wäerten nach genügend Zäit dofir kréien, mä mech interesséiert elo mol déi fundamental Optioun, déi fundamental Orientatioun, déi doranner läit. Fundamental, well dës Regierung viraussichtlech grouss finanziell Mëttel opbrénge wëllt a muss, fir eng zweet privat Filière am Schoulwiesen zu Lëtzebuerg opliewen ze loossen. Dat ass net back to basics, dat ass back to the 19th century.

Bekanntlech gëtt et augenblécklech zu Lëtzebuerg véier Zorte Privatschoulen, d'Kongregatiounsschoulen am Primär an am Secondaire, international Schoulen, véier un der Zuel, d'Waldorfschoul an de Lycée technique Emile Metz. Fir déi éischt, fir d'Kongregatiounsschoulen hat jo eng CSV-DP-Koalitioun 1982 e Gesetz gemaach, dat eng deelweis Integratioun vun deene Schoulen an d'öffentlech Schoul eigentlech gemaach huet. Wann déi Schoulen, genee déiselwecht Programmer mat qualifizéiertem Personal ugebueden hu wéi d'öffentlech Schoul, dann hu se fir dee Fonctionnement Geld vum Stat krut. De Lycée technique Emile Metz huet eng Konventioun mam Stat, déi net ënnert dëst Gesetz vun 1982 fällt. Och dëse Lycée ass eigentlech en Deel, duerch seng Programmer, duerch déi Manéier, wéi en organiséiert ass, vun der öffentlecher Schoul.

D'Waldorfschoul kritt e Subside vum Stat. D'gesetzlech Basis vun der Konventioun mam Lycée technique Emile Metz a vum Subside vun der Waldorfschoul ass net kloer.

Bleiwen dann nach déi international Schoulen. Si kruten och ouni gesetzlech Basis bis elo scho vill gehollef. D'International Schoul, wéi ech scho gesot hunn, krut dat grousst Gebai um Campus Geesseknäppchen vum Stat gebaut an déi dräi aner international Schoule sinn och an öffentleche Gebaier ënnerbruecht.

Ech wëll hei direkt soen, dass et eng Berechtegung fir eng International Schoul zu Lëtzebuerg gëtt fir déi Kanner vun Auslänner, déi nëmmen e puer Joer zu Lëtzebuerg schaffen an da weiderginn. Ob dat musse véier international Schoule sinn, dat sief emol dohinner gestallt. Mä Här President, et gëtt keng Berechtegung dofir, dass en zweete parallellen a private Schoulsystem zu Lëtzebuerg entwéckelt gëtt.

A mir Sozialiste sinn der Meenung, dass alles gemaach muss ginn, fir dass d'öffentlech Schoul esou gutt an esou flexibel ass, dass se Echece verhënnert, dass se alle Bedierfnisser entsprécht, an déi Leit, déi dann nach eng extra Leeschtung wëllen, sollen dofir aus hirer Täsch opkommen.

D'Kollektivitéit ass net dofir do, fir Waldorfschoulen, reliéis Schoulen a Schoulversich ze bezuelen, mä fir d'öffentlech Schoul ze verbesseren an auszebauen. A wann dëst Gesetz duerchgeet, da sti mir och nach virun der skandaléiser Situatioun, dass d'Gemenge fir nei Schoulgebaier a fir nei paraschoulesch Infrastrukture manner vum Stat ënnerstëtzt gi wéi privat Schoulen.

Ech zéien aus dësem Gesetzesprojet d'Konklusioun, dass dës Regierung wesentlech a wëllentlech eng Zweeklasseschoul fördere wëllt. Eng privat Schoul fir déi, déi sech dat kënne leeschten, an eng öffentlech Schoul fir déi, déi sech dat net kënne leeschten.

An dës Koalitioun huet nach eng wichteg politesch Weich gestallt, wéi se - an dat huet een deemools net esou erkannt - déi paraschoulesch Infrastrukturen ënnert de Familljeministère gestallt huet, an domat vum Erzéiungsministère getrennt huet. Dëst huet am Ufank no enger onverfänglecher politescher Koalitiounsopdeelung ausgesinn, mä et weist sech elo, wat d'Konsequenz dovunner ass. D'Gemengen hu jorelaang paraschoulesch Infrastrukturen ouni d'Hëllef vum Stat geschafen, fir d'Chancëgläichheet duerch eng verbessert öffentlech Schoul ze erméiglechen. Elo ginn déi Gemengestrukturen forcéiert grouss baulesch Transformatiounen ze maachen, well d'Regierung d'ASFT-Gesetz esou interpretéiert.

Et misst een emol - an ech sinn dofir frou, dass d'Madame Familljeminister och bei eis ass - ënnersichen, inwiefern déi Oploe vun deene Règlements grand-ducaux, - déi jo zum Deel berechtegt sinn, dat wëll ech net ofstreiden -, net awer méi flexibel kënnte sinn, fir d'Gemengen net onbedingt ze forcéieren, rieseg Investissementer ze maachen, an och besonnesch bei den Tariffer an deenen Infrastrukturen, ob dat Kantinen, Foyer de jour oder Cours d'appui sinn, also Déngschtleeschtungen, wou Tariffer elo sollen un d'Akommes gebonne ginn, an d'Elteren hir Paiziedele bäileeë mussen, wann hiert d'Kand an d'Kantin geet-, ob een dat net méi flexibel oder op eng aner Manéier kënnt maachen.

Well, Här President - an ech soen der Madame Minister dat ganz kloer -, fir eis gehéieren déi Kantinen, déi Nohëllefcoursen an déi Opfaangstrukturen zum Optrag vun der öffentlecher Schoul, fir Chancëgläichheet an eng gréisstméiglechst Integratioun vun alle Kanner ze garantéieren. An ech soen Integratioun, well mir hunn - an ech kommen do op mäin éischte Punkt zréck - 37% Auslänner, déi zu Lëtzebuerg liewen, deenen hir Kanner, wa se net an d'öffentlech Schoul ginn, e groussen Deel vun Integratiounsméiglechkeete verluer hunn, an dofir musse mir eis öffentlech Schoul esou développéieren, dass se net nëmme fir Chancëgläichheet, mä och fir Integratioun vun der gesamter Bevölkerung do ass. Dat ass eis Astellung an ech wär frou, wa mir op deem Plang och géifen oppassen, wa mir Weiche fir d'Zukunft stellen, well déi Wéichen, déi eng Kéier gestallt sinn, déi sinn net méi zréck ze maachen.

Här President, ech wëll och nach soen, dass et ausserdem am Schoulwiese vill Onzefriddenheet gëtt. Ech wëll just e Beispill huelen, ouni an d'Detailer ze goen, e Beispill aus dem Bericht vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. Ech liesen Iech et vir, well ech fannen dass déi Chamber heiansdo ganz interessant an och sproochlech flott Saache virbréngt. Et muss een net ëmmer mat allem d'accord sinn, wat se seet, mä si huet awer an d'Schoulwiesen - et ass jo och bekannt datt eng Partie Professeren an där Chamber sinn - e gudden Abléck an op dat, wat do geschitt: „La chambre", also d'Chambre des Fonctionnaires „ne peut se passer de poser un certain nombre de questions sur des projets prometteurs évoqués, initiés, miroités devant les yeux d'un public en attente, puis relégués sans autre façon aux oubliettes.

Où en est le projet d'autonomie limitée rebaptisé pudiquement action pédagogique propre destiné initialement à dynamiser les forces vives des lycées et des lycées techniques?

Où traîne le projet de gestion budgétaire séparée des établissements scolaires, où sommeille le projet de réforme de l'enseignement technique?

Las d'être traité comme une pâle contrefaçon du classique", an esou weider.

D'Chambre des Fonctionnaires, dat ass jo eng Chamber, där verschidde politesch Kräften hei an der Chamber nostinn!

Här President, an deene véier Problemkreesser huet dës Regierung konzeptlos an iwwerflächlech geschafft. No 40 Méint gesäit een net, wat fir Akzenter dës Regierung fir d'Moderniséierung a fir d'Zukunft vum Land gesat huet.

Här President, ech si jo eigentlech vu mengem Uleies hier e realistesche Mënsch an och kee fanateschen Oppositiounspolitiker, ech probéiere jo ëmmer e bëssen ze verstoen, wat eng Regierung an eng Majoritéit wëllt maachen. Ech mengen, ech sinn esou laang an der Politik, dass ech weess, dass et och net ëmmer einfach ass, fir Saachen ze maachen. Ech erkennen och gären un, dass et fir eng Regierung oft schwéier ass, Evolutiounen ze erkennen an Evolutiounen dann och ze änneren. Dat ass schwéierfälleg, besonnesch och well et Koalitiounsregierunge sinn, a well jo d'DP-CSV-Koalitioun gewisen huet, dass se Schwieregkeeten huet, fir sech interfraktionell kuerz ze schléissen an hir Linn e bësse kloer ze stellen.

Dat huet een a Kommissioune gesinn; et gesäit een et all Dag. Also do hu se nach munches ze léieren. Mä trotz all deem Versteesdemech, wat ech hunn, mengen ech awer, mat Sécherheet kënnen ze soen, dass dës Regierung net als eng Opbroch- an Erneierungsregierung an eis politesch Geschicht wäert agoen. Ech soe merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

M. Nico Loes *(CSV).*- Här President.

M. le Président.- Jo.

M. Nico Loes *(CSV).*- Här President, no der Interventioun vum Här Fayot, op déi mir am Fong geholl gewaart hunn, kann ech lech matdeelen, dass eis Fraktioun de Budget wahrscheinlech net ka stëmmen.

M. le Président.- Dat géing mech awer wonneren!

***(Hilarité et interruptions diverses)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- No der excellenter Ried vum Här Fayot kann et elo nëmmen nach biergof goen.

M. le Président.- Loosst den Här Loes schwätzen. Här Loes fänkt un.

M. Nico Loes *(CSV).*- Här Bartolomeo, den Här Fayot war net esou schlecht an dat, wat den Här Krecké hei ënnerstrach huet, dat wonnert eis och guer net. Ech kucke mat mengem Éisleker Elan iwwert déi Lag do ewech ze kommen.

***(Interruption)***

Jo, dass ee gutt drënner erduerch kënnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech emol dem Kolleeg Emile Calmes merci soe fir säi fundéierte Rapport, an och fir säi gudde schréftleche Rapport, fir déi vill Aarbecht, déi hie gemaach huet. All Respekt fir seng Fläissaarbecht.

An ee vun den Haaptakzenter an der Deklarioun zur Lag vun der Natioun an och vun dem Budget vun 2003 ass d'Sécherheet vun eise Bierger a Biergerinnen. Dat ass conforme zur Regierungserklärung vum 12. August 1999, wou de Kampf géint d'Kriminalitéit zu enger vun de Prioritéite vun der Regierungspolitik erkläert ginn ass.

Dat waren also keng eidel Wierder an ech begréissen dat och ausdrécklech, well d'Sécherheet ass e Grondrecht. Eng vun den Haaptaufgabe vum Stat ass et, fir d'Sécherheet vum Bierger ze suergen. De Stat muss déi physesch Integritéit beschützen, esou wéi de Statsminister dat och an senger Deklaratioun gesot huet.

Et ass net nëmmen déi schwéier Kriminalitéit, déi dem Bierger ze schafe mécht. Ech mengen, et ass haaptsächlech déi kleng an alldeeglech Kriminalitéit, déi d'Leit fäerten. D'Bierger gi méi konfrontéiert mat Déifställ, Abréch a Vandalismus. Dës Infraktiounen droen am meeschten dozou bäi, fir een Onsécherheetsgefill ze schafen. De Bierger fillt sech deemno net méi sécher a senger Haut. Och wann et bei eis hei zu Lëtzebuerg manner Schwéierverbrieche gëtt, wéi a verschiddenen anere Länner, däerf d'Sécherheetspolitik net op déi liicht Schëller geholl ginn.

Ech erënneren drun, dass et am Joer 1999, wéi et zur Fusioun vu Police a Gendarmerie komm ass, ee vun den Haaptinstrumenter huet misse sinn, fir eng landeswäit optimal Polizeipresenz ze sécheren. D'Polizei muss d'Méiglechkeet kréien, fir op dem ganze Lëtzebuerger Territoire siwen Deeg an der Woch, 24 Stonnen op 24 Stonne kënnen ze intervenéieren.

Ech begréissen dofir och ganz besonnesch, dass déi sechs regional Polizeibezierker an dësem Joer alleguer operativ gi sinn. Si sinn an der Stad Lëtzebuerg, zu Esch-Uelzecht, zu Dikrech, zu Kapellen, zu Miersch an zu Gréiwemaacher.

Dës Struktur garantéiert net nëmmen eng besser Répressioun, mä bedeit och haaptsächlech eng Verbesserung vun der Preventioun. D'Sécherheetsgefill gëtt verstäerkt duerch eng systematesch Presenz vun der Polizei um Terrain an duerch méi Proximitéit zum Bierger. Dat erméiglecht et déi kommunal Sécherheetspläng besser ëmzesetzen.

***(Interruption)***

Här Scheuer, ech denken am Éislek klappt dat och an hoffen, dass bei lech zu Iechternach och alles esou an de Furen erageet, wéi Dir lech dat wënscht. A mat lech als Buergermeeschter, do schéngt dat mer och kee Problem ze sinn, well Der gewinnt sidd, e bëssche mat enger eiserner Fauscht duerchzegräifen.

***(Hilarité)***

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Merci fir d'Kompliment!

M. Nico Loes *(CSV).*- Dëse Budget verstäerkt déi personnell a materiell Mëttelen, déi néideg sinn, fir eng Polizei ze kréien, déi Presenz um Terrain weist, also déi, déi no beim Bierger ass.

No de Rekrutementer aus de Joren 2000, 2001 an 2002 sinn och fir 2003 bis 2009 déi néideg Kreditter virgesinn, fir all Joer 60 nei Polizeibeamten an de Carrièrë vum Inspekter a vum Brigadier anzestellen. Dat ass conforme zum Plan de recrutement pluriannuel.

Weiderhi stellt de Budget 2003 déi néideg finanziell Mëttelen zur Verfügung, fir 20 nei Beamten an der Police judiciaire ze rekrutéieren. Dës Beamte sollen haaptsächlech am Kampf géint dat organiséiert Verbriechen a géint d'Wirtschaftskriminalitéit agesat ginn.

Dobäi klammen d'Kreditter vum Ministère de l'Intérieur ëm méi wéi 10%, wat do d'Formatioun, d'Informatik, d'Kommunikatioun, d'Waffen an och déi polizeilech Schutzequipementer ubelaangt.

Schlussendlech ginn och d'Kreditter am Justizministère ëm 11,3% gehéicht. Iwwert een Zäitraum vu fënnef Joer sinn hei d'Kreditter ëm 60% geklommen. Déi Sue fléissen haaptsächlech an d'Justizpersonal an och an den Ausbau vum Prisong.

Ech wollt mech a menger Interventioun méi am Detail mat der Police judiciaire ausernee setzen. An engem Pressebericht, deen de 25. Juli an dem Journal publizéiert gi war, hunn ech gelies, dass an engem Bericht vun der Polizeiinspektioun op 321 Säiten eng ganz Rei Problemer opgeworf goufen, déi um Niveau vun der Police judiciaire bestinn. Laut dëser Presseinformatioun sollen zirka 500 Dossieren am Beräich vun der Finanzkriminalitéit duerch d'Police judiciaire en suspens gehale ginn.

Den Haaptgrond fir dëse Retard läit am Personalmangel. Bei der Police judiciaire sinn zirka 100 Beamte mat der grousser an der organiséierter Kriminalitéit beschäftegt, an dovu sinn 28 Beamten, déi sech mat Finanzaffäre beschäftegen. Esou, wéi am Presseartikel dra stoung, mécht sech och bei dëse Polizisten eng Frustratioun breet, well si mat dësen Dossieren einfach vun der Zäit hier net méi nokommen. Hir meescht Zäit geet drop, fir déi international Rechtshëllefdossieren ze beaarbechten. Da bleift einfach keng Zäit méi, fir sech mat aneren Infraktiounen, wéi zum Beispill de kriminelle Failliten ze beschäftegen. Laut Informatioune sollen zwëschent 1996 an 2000 56 Ermëttlungsverfahren a betrügeresche Failliten, dat heescht Faillites frauduleuses, ageleet gi sinn, déi bis haut awer och nach net zu engem Ofschloss koumen.

D'Staatsanwaltschaft an d'Ënnersuchungsriichtere sti virun deemselwechte Problem. Si sinn och mat der internationaler Rechtshëllef iwwerlaascht a si kënne sech net méi an engem ausräichende Mooss mat deenen nationalen Dossiere beschäftigen.

Heizou soen ech Folgendes: Et kann net sinn, dass déi national Dossieren a Saache Wirtschafts- a Finanzkriminalitéit vernoléissegt ginn. D'Verbriecher däerfen net ongestrooft dervu kommen. Wa se net bestrooft ginn, dann huet dat eng geféierlech Signalwierkung an da besteet de Risiko, dass d'Unzuel vun dëser Finanz- a Wirtschaftskriminalitéit nach weider klëmmt, a grad dat musse mer probéieren ze verhënneren.

Eis Regierung huet och dës Problematik erkannt a proposéiert eng Partie Léisungen. Ech erënneren drun, dass fir d'Joer 2003 20 nei Beamten an der Police judiciaire agestallt ginn. Dës Poliziste musse sech haaptsächlech mat der Wirtschafts- an der Finanzkriminalitéit beschäftegen.

Weiderhin huet d'Regierung och een Aarbechtsgrupp agesat, wou am Moment iwwert d'Schwaachpunkte vun der Police judiciaire geschwat an iwwer Verbesserungsvirschléi nogeduecht gëtt. Dësen Aarbechtsgrupp setzt sech zesummen aus Vertrieder vun der Justiz, der Polizeidirektioun, dem Justizministère an och dem Innenministère.

Et feelen awer, a mengen Aen, an dësem Aarbechtsgrupp och Vertrieder vun der Polizeigewerkschaft. Ech fannen dat net gutt, well do och eng ganz Partie Savoir-faire vun deene Leit verluer geet. Ech mengen, et sinn déi Leit, déi um Terrain schaffen an déi duerch hir Erfahrung outiléiert wieren, fir Verbesserungsvirschléi mat eranzebréngen. Dowéinst froen ech mech, ob et net gutt wier, fir och Leit vun der Polizeigewerkschaft an dësen Aarbechtsgrupp mat eranzehuelen.

Wat sinn nach aner Pisten, déi een am Kader vun enger Reform bei der Police judiciaire kënnt nach mat an d'A faassen?

Éischtens muss d'Formatioun vun den Agente vun der Police judiciaire verbessert ginn. Et muss ee feststellen, dass de Moment nach keng Basisausbildung fir Anwärter op esou Posten do ass. Eng Spezialiséierung kënne sech verschidden Ermëttler eréischt dann uneegnen, nodeems se eng Partie Joren am Déngscht vun der Police judiciaire dra sinn. Hei besteet sonner Zweifel een Nohuelbedarf. D'Formatioun vun de Beamte vun der Police judiciaire muss deemno verbessert ginn.

Een zweete Punkt ass deen, dass d'Polizisten heiansdo oder vläicht och méi dacks op d'Informanten aus dem Milieu ugewise sinn. Et ass dëst eng ganz sensibel Matière an dofir besteet och, menges Wëssens no, kee gesetzleche Kader. An der Praxis sinn dës Methoden awer dacks onerlässlech, fir an den Ermëttlungen virunzekommen. Dofir géif ech d'Regierung invitéieren, fir iwwert d'Méiglechkeet vun esou enger gesetzlecher Basis nozedenken. Hei muss och gekuckt ginn, ënner wat fir enge Bedingungen esou Methode kënnen ugewannt ginn a wéi wäit dass se kënne goen.

Weiderhi bestinn och verschidde Schwieregkeeten um Niveau vun der Police technique. Si huet als Aufgab, d'Spuren no engem Verbriechen ze sécheren, esou dass ee potenzielle Verbriecher kann iwwerfouert ginn. Och si ass personalméisseg ënnerbesat.

Ee weidere Punkt, deen och an deem Rapport optaucht, ass dee vum genetesche Fangerofdrock, deen hei zu Lëtzebuerg nach vernoléissegt gëtt. Fir esou Methode kënnen auszewäerten, mussen d'Beamten an d'Ausland goen, well mir kee Laboratoire hunn, dee mat deem néidege Gerät ausgerüst ass. An enger Entrevue, déi ech selwer mat Vertrieder vun der Polizeigewerkschaft hat, ass dat och däitlech zum Ausdrock komm an ech denken, dass mer do nach verschidde Mesurë mussen ergräifen, fir dass mer op deem Punkt virukommen.

E puer Wuert wollt ech och nach zum Dateschutzgesetz soen. An engem Rechtsstat ass et wichteg, dass dem Bierger seng perséinlech Daten, an domat seng Privatsphär, geschützt ginn. Op där anerer Säit brauch een an engem Rechtsstat awer och eng Polizei, déi Verbriechen opdeckt an dofir déi néideg Mëttelen zur Verfügung gestallt kritt. D'Dateschutzgesetzgebung däerf d'Polizisten an hirer Aarbecht net behënneren an och net blockéieren. D'Polizei muss d'Méiglechkeet kréien, fir ënner verschiddene Konditiounen een informatiséierte Fichier unzeleeën.

Ech begréissen an deem Kontext, datt den Innenminister deemnächst an d'Chamber komme wëllt, fir e Bilan ze maachen iwwert d'Reorganisatioun oder d'Erfahrungen aus der Reorganisatioun vu Police a Gendarmerie, déi mer 1999 gemaach hunn, an datt mer déi Onzoulänglechkeeten, déi nach bestinn, eventuell kéinten aus der Welt schafen.

De Schutz vum Affer muss verstäerkt ginn. Et kann net sinn, datt en Affer wéi en normalen Zeie behandelt gëtt. Hie muss hei den entspriechende Statut kréien, deen him gewësse Rechter araumt. Ech begréissen dem Statsminister seng Virschléi, fir an dës Richtung ze goen.

***(Interruption)***

Jo, Här Bodry, et ass eng ganz sensibel Matière. Ech mengen, Dir waart jo och eng Kéier federführend an engem.Ministère.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Den Här Bodry ass e ganz sensible Mënsch.

M. Nico Loes *(CSV).*- Jo, dat huet een de Moie gesinn, well dat Geréngst, wat kënnt, da braust hien op. Ech mengen, dat misst hie vläicht e bësse besser an de Gréff kréien, fir seng Sensibilitéit bësser géréiert ze kréien.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir verdéngt dat. Dir verdéngt näischt aneschters.

***(Interruption)***

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Et hänkt dovun of, wat d'Leit soen an net wat Dir méngt.

M. Nico Loes *(CSV).*- Et ass d'Recht vum Affer, fir d'Informatiounen iwwert den Oflaf vun der gesamter Prozedur ze kréien, an dat virun, während an och no dem Prozess. Weiderhi kritt d'Affer ënner verschiddene Bedingungen en Affekot zur Verfügung gestallt. Wann aussergewéinlech Ëmstänn virleien, muss hien eng anonym Zeienausso kënne maachen. Ech hoffen, datt dëse Gesetzesprojet, dee wéi den Här Bodry gesot huet, schonn zwee Joer do läit, esou séier wéi méiglech kann op den Instanzewee goen.

Wat d'Zuelematerial aus dem Budget 2003 ubelaangt, wollt ech awer nach soen, datt um Niveau vun den Dépenses courantes, Kreditter fir 117,7 Milliounen Euro virgesi sinn, wat eng zolidd Steigerung ass par rapport zu de Joren 2002 an 2001, wou mer nëmmen 105, respektiv ronn 97 Milliounen haten. De Grond vun dëser Steigerung läit am Recrutement vun zousätzlechem Personal, wat ech virdru scho gesot hunn. Wat d'Dépenses en capital ubelaangt, esou sinn eng ganz Partie Kreditter virgesinn, notamment 7,8 Milliounen. Dës Kreditter erlaben éischtens emol, de Fuerpark vun der Polizei ze erneieren an dat informatescht Équipement vun de Beamten ze verbesseren. Am Budget steet och nach e Crédit non limitatif vun 255.000 Euro fir d'Uschafe vun engem Helikopter. Weider 1,7 Milliounen Euro sinn nach fir spezifesch Équipementer fir dësen Helikopter virgesinn.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wollt an engem leschte Volet vu menger Interventioun nach op d'Arméi agoen, de Verteidegungsbudget. Dee geet notamment ëm 0,65% an d'Luucht, wat de Fonctionnement ubelaangt, an ëm 6,58% um Niveau vum Kapital. Fir de Fonds d'équipement militaire sinn 1,5 Milliounen Euro virgesinn.

D'Ausgabe fir d'Arméi hu gëschter schonn Ulass zu enger Rei vun Diskussiounen hei am Haus gefouert. Ech muss awer ervirsträichen, datt d'Chamber selwer duerch d'Gesetz vum 16. Dezember 1997 iwwer eng Programmation financière militaire e Fënnefjoresplang gestëmmt huet, deen der Regierung et erlaabt, d'Uschafe vu militäreschem Material ze tätegen. Et ass dëst de Cofinanzement vun engem Schëff, de Kaf vun engem Fliger an d'Uschafe vun neiem Militärmaterial.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- An deem ale Programm war dat doten net dran. Dir schwätzt vun engem neie Fënnefjoresplang, deen nach net virläit.

M. Nico Loes *(CSV).*- Jo.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Et ass een Investitiounsprogramm bis elo gewiescht an deen ass d'lescht Joer ofgelaf.

M. Nico Loes *(CSV).*- Jo, ech kommen nach dorop zréck, Här Bodry, well wat d'Participatioun vum Schëff a wat de Kaf vum Fliger ubelaangt, mengen ech, misste mir - dat ass meng Meenung op jiddfer Fall - nach eng Kéier hei an der Chamber doriwwer schwätzen…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Loi spéciale!

M. Nico Loes *(CSV).*- ..., fir eventuell eng Loi spéciale ze maachen. Ech ginn lech doranner Recht.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Oder vläicht, fir eis doriwwer aner Gedanken ze maachen.

M. Nico Loes *(CSV).*- Ech kommen nach dorop zréck, Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Da sidd Dir um gudde Wee. Dir wësst jo, wat mat deenen halwe Schëffer geschitt?

M. Nico Loes *(CSV).*- Jo, bei eis um Séi ginn déi och ënner.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Voilà.

***(Hilarité)***

M. Nico Loes *(CSV).*- Ech denken, datt wa mer eng Léisung fannen, datt wa mer esou e Schëff kafen, et och fäeg ass um Waasser ze bleiwen. Dir musst just oppassen, datt Äert Schëff net ënnergeet.

***(Hilarité)***

Wat d'Participatioun um Schëff bedeit, esou bedréit eis Part 44 Milliounen Euro, wou mer elo scho wëssen, datt eis belsch Kolleege Problemer hunn, well dat Schëff méi deier gëtt, a well si sech jo nach Gedanke musse maachen an hirer Chamber, ob se dat Schëff dann elo kafen oder net. Ech mengen, déi Décisioun fält jo eréischt an deenen nächste Wochen, ob mer dann op deen dote Wee matginn oder net.

De Präis vum Fliger läit bei 102 Milliounen. D'Liwwerung geschitt am Joer 2012 oder 2013. Wat d'militärescht Équipement ubelaangt, esou sinn 110 Milliounen Euro virgesinn, wou mer zesumme mat de belsche Kolleegen eng 40 Véhicules blindés uschafen. Och wann de Budget vun 2003 ënner méi schwierege Viraussetzungen opgestallt ginn ass wéi déi Jore virdrun, esou denken ech awer, datt déi Dépense, déi mer tätegen, noutwenneg ass, vu datt d'NATO jo eng Participatioun oder eng Contributioun vu bis zu 1% vum PIB vun eis verlaangt. Wann een da bedenkt, datt d'Recommandatioun fir d'Bäitrëttslänner, déi elo kommen, bäi 2% läit, mengen ech, misste mir eis et och leeschte kënnen, oder wéinstens misste mer där Obligatioun nokommen, eisen Obolus vun engem Prozent bäizedroen.

Wann een den Här Bodry de Moien iwwert dëse Volet héieren huet schwätzen, da fannen ech dat - Wéi géing d'Madame Minister soen? - e staarkt Stéck, wéi den Här Bodry mäi Fraktiounskolleeg Ady Jung de Moien hei als Ligener tituléiert huet. Déi Äusserunge vun engem vun de Chefe vun der LSAP géif ech am militäresche Jargon als Manöveraccident tituléieren.

Gedanken hate mer eis scho gemaach, a wéi den Här Jung och de Moie gesot huet, am Benelux-Parlament hate mer schonn driwwer geschwat. Éischt Iwwerleeunge ware gemaach ginn, wéi Dir nach federführend waart an deem Ministère. Mir hu vun de belschen an den hollännesche Kolleegen ëmmer erëm gesot kritt, datt Dir och op deem Gebitt eng gutt Zesummenaarbecht hat.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Jo, dat ass jo kee Problem.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech wëll elo nach eng Kéier hei betounen, datt et vum Här Jung senger Säit drëms gaangen ass, fir u sech meng Glafwierdegkeet a Fro ze stellen.

Une voix.- Neen!

M. Nico Loes *(CSV).*- Oh, neen, neen.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Fir ze soen, als Minister hätt ech den Akaf vun engem Fliger respektiv vun engem Schëff guttgeheescht, an elo wär ech net méi Minister, elo géif ech just de Contraire soen. Ech wëll dat nach eng Kéier kloer preziséieren .

M. Lucien Clement *(CSV).*- Du waart Dir mam Budget d'accord, an elo sidd Dir net méi domat d'accord. Dat ass genau datselwecht.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- De Budget vun deemools gëtt verzéngfacht, Här Clement. Kuckt, wann ech glift, emol genee d'Zuele vun deem Budget hei.

***(Interruption)***

Wann déi Enveloppe sech beweegt an deemselwechte Beräich wéi ënnert der viregter Regierung - ech hu jo gesot, datt mer e Wuesstum hate vum Militärbudget iwwert déi ganz Period -, da fanne mer dat richteg. Dat soll an Zukunft kënnen esou sinn. Ech hunn ausdrécklech gesot, datt ech dofir sinn, datt mer Investissementer um Härebierg maachen, an da selbstverständlech och, datt mer en neie Charroi fir d'Arméi kréien, mä et sollen awer keng Investissementer sinn, déi eigentlech der Organisatioun vun eiser Arméi, wéi se zënter Jorzéngte besteet, friem sinn.

Ech soen nach eng Kéier hei, et war ni an der Diskussioun an der Regierung, déi Zäit wéi ech Minister war, datt mer sollten e Fliger kafen oder datt mer sollten e Schëff kafen.

***(Interruption)***

Dat ass eng Diskussioun, déi 1999/2000 richteg ugaangen ass, a wou den Här Goerens dat Engagement op europäeschem Plang geholl huet.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Voilà.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech wëll just, datt hei d'Wourecht gesot gëtt. A wann hei aner Leit wëllen d'Wourecht verdréinen, da wieren ech mech dogéint.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech mengen, den Här President hat de Moien déi doten Diskussioun...

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Sot eis awer och zu wat Dir lech engagéiert hutt.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Do ware Leit, déi nach net matkritt haten, datt e Regierungswiessel war. Ganz kloer.

***(Interruption)***

De President huet de Moien tranchéiert. Ech froen den Här Loes, wéi een een dee litt, aneschters nennt wéi e Ligener? Sot mir dat?

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, dat, wat den Här Jung haut de Moien hei gesot huet...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dat war eng Ligen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Hien huet rapportéiert, wat him an der Belsch gesot ginn ass.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Da soll hien nofroen, wéi et wierklech ass.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Hien hat keng Zäit, fir ze verifizéieren, ob dat stëmmt, oder ob et net stëmmt. Deementspriechend den Här Jung hei als Ligener ze betitelen, dat ass e ganzt staarkt Stéck.

Des voix.- Très bien.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Vun engem Deputéierte wéi dem Här Jung verlaangen ech, datt hien, ier hien esou eppes an d'Welt setzt an eng extra Interventioun op deem dote Punkt hei nach mécht, fir d'éischt vérifizéiere geet, ob et stëmmt.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Voilà.

***(Brouhaha général)***

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Wa mir dat all Kéiers vun lech géife verlaangen!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Näischt hätt den Här Jung dru gehënnert dem Här Goerens, zum Beispill, déi dote Fro ze stellen. Firwat freet hien net den aktuellen zoustännege Minister, ob hie Kenntnis dovun huet, datt de fréiere Minister Verhandlunge gefouert hätt mat der Belsch iwwert den Akaf vun engem Fliger oder vun engem Schëff. Firwat huet hien dat net gemaach?

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Hien hat dat jo net gesot, datt Dir Verhandlunge gefouert hätt. Hien huet gesot, déi Belsch hätten him rapportéiert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dat do war eng Insinuatioun.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Et ass keng Insinuatioun.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

***(Interruptions et hilarité)***

Une voix.- Très bien.

Une autre voix.- Dir kommt e bësse spéit.

M. Ady Jung *(CSV).*- Neen, et ass ni ze spéit, fir guttzemaachen.

M. Nico Loes *(CSV).*- Här President, ech wollt lech froen, ob ech kéint virufueren, fir datt mer am Zäitdélai bleiwen? Ass dat okay?

M. le Président.- Jo, Här Loes.

M. Nico Loes *(CSV).*- Merci.

Bon, dee Manöveraccident, ech hunn dat op jidde Fall esou gesinn, ass fir mech dann ofgeschloss. Den Här Jung ass jo elo erakomm an hie wäert à même sinn, fir sech ze verteidegen, oder dat kloer ze stellen, wat en de Moie gemengt huet, andeems datt en de fréieren Arméiminister jo awer alt gelueft huet, well en esou gutt kollaboréiert huet mat eise belschen an hollännesche Kolleegen.

Et ass och geschwat ginn iwwert déi Kontributioun, déi mer géifen opbréngen an Zäiten, wou mer méi Schwieregkeeten hunn, fir de Budget opzestellen. De Kooperatiouns- an Défenseminister huet de Kooperatiounsbeitrag an den Défensebeitrag ëmmer zesumme gesinn. Wa mer déi zesummeklappen, da komme mer op e Prozentsaz vun 1,5% vum PIB. Ech mengen, d'Kooperatiounspolitik ass jo och e Beitrag zu der Preventiounspolitik viru Krich an Onrou.

Ofschléissend, wollt ech awer och nach eng Kéier hei mat op de Wee ginn, datt den Zoustand vun eise Kasären op dem Härebierg desolat ass. Ech wier frou, wa mer géife Kreditter virgesinn, fir och d'Infrastrukturen um Härebierg ze redresséieren, frësch ze bauen an och ze moderniséieren. Ech hoffen, datt mer an engem Budget, dee mer op verschiddenen Dépensë mussen zesummestutzen, Suen iwwreg behalen, fir déi Kasären ze renovéieren, well och eis Zaldoten, déi jo an hire Friddensmissiounen op dem Balkan eng ganz gutt Aarbecht maachen, hunn d'Recht, fir ënner mënschewierdege Bedingunge logéiert ze ginn.

An deem Sënn géif ech lech merci soe fir d'Nolauschteren a meng Interventioun iwwert d'Police an d'Arméi am Kader vum Budget ofschléissen.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun eise Budgetsdebatte stellen ech lech de Rapport vir vun der Kommissioun Gesondheet- a Sozialsécherheet. De Gesondheetsminister Carlo Wagner ass an eis Kommissioun komm an huet eis d'Eckwäerter vum Budget virgestallt, wat seng Ressorten ubelaangt.

De Budget vum Ministère vun der Sécurité sociale hu mer kuerz gesträift. D'Gesamtdépensë ginn ëm 6,84% an d'Luucht, mat Totalausgabe vun 1,410. 368.160 Milliarden Euro. Dat ass e ganz décke Batz par rapport zum Gesamtbudget vum Stat. Doraus eleng gesäit een, wéi enk eist Sozialnetz gestréckt ass. Dës Regierung denkt och net drun an där heiteger méi schwiereger Situatioun heirun eppes ze änneren. Dobäi kënnt, datt de Chiffer vun 1,4 Milliarden Euro net all Mesures à caractère social vun der Regierung ëmfaasst. Solidaritéit an Ofsécherung wäerten och an Zukunft keng eidel Wierder zu Lëtzebuerg sinn.

Wann ech och mat esou enger Ausso meng Roll als Rapporteur iwwerschreiden, esou, mengen ech, awer d'Gefill vum Parlament an och vun der Regierung ze kennen a mech heimadder net ze wäit aus der Fënster erausgeluegt ze hunn.

Wat d'Fleegeversécherung ubelaangt, esou muss d'Gesetz vun 1998 nogebessert ginn. Dat soll am Joer 2003 geschéien. Ze begréissen ass, datt d'Cellule d'évaluation, op Grond vu weidere Verstäerkungen, elo nëmme méi zwee Méint brauch, fir d'Evaluatiounen ze maachen. Dat sinn zum groussen Deel Ré-évaluatiounen an Transferten. Déi grouss Retarden, déi et am Ufank gouf, konnte gréisstendeels absorbéiert ginn. Mir dierfen net vergiessen, datt d'geschätzten Zuel vu Fleegefäll 1998 bei 9.520 Fäll louch, an datt mer haut awer bei 21.328 Demandes de prestations ukomm sinn. Am Rapport intermédiaire vum 31. Mäerz 1999 ware mer bei 5.700 Fäll. Wann Der dat en rapport setzt mat den Demandes de prestations vun 21.328, da gesitt Der déi Schwieregkeeten, an dofir huet déi Cellule d'évaluation misste weider verstäerkt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann elo zum Département Santé vum Minister Carlo Wagner. 2003 hu mer eng Progressioun vu 5,67% par rapport zu 2002. Dat ass net aussergewéinlech, awer an der Moyenne vun de leschte véier Joer läit d'Progressioun awer dach bei 11,7%.

Am Rapport vun der Santéskommissioun sträiche mer besonnesch verschidden Artikelen ervir, wou et remarquabel Verbesserunge gëtt. Do ass fir d'éischt bei den Dokteren de Service de remplacement vun de Generalisten, wou 2003, op Grond vun de gemaachten Erfahrungen, zousätzlech Kreditter noutwendeg sinn. Dëse Service de remplacement an der Nuecht fonctionnéiert elo. Mir hunn an der Kommissioun drop higewisen, datt a verschiddene Regiounen am Land op de Weekender, Här Mars Di Bartolomeo, daagsiwwer Problemer optrieden, an et kënnt sech an der Zukunft erweisen, datt den Noutdéngscht op de Weekender och daagsiwwer misst fonctionnéieren.

Fir d'éischt gëtt et och e Kredit Frais de fonctionnement fir d'Commission de conciliation dans le domaine médical du Luxembourg. Iwwert de Wee vun der Conciliatioun solle Litigen tëschent Patienten an Dokteren aus der Welt geschaaft ginn. Et ass och en neie Kredit virgesinn, fir d'Weiderbildung, d'Formatioun, d'Formation continue vun den Dokteren. Life long learning gëtt och bei den Dokteren an der Zukunft ëmmer méi wichteg, wéinst der rasanter wëssenschaftlecher Weiderentwécklung an der Medezin, an dozou gehéiert dann och en aneren neie Kredit fir de Fonctionnement vum Conseil national de la formation médicale continue. Dëse Conseil setzt sech zesummen aus Vertrieder vun Dokteren, dem Collège médical, der AMMD an der Société des sciences médicales. An enger éischter Phas setzt de Gesondheetsminister op d'Weiderbildung op fräiwëlleger Basis. Hei wëll ech drop hiweisen, datt eng ganz Rei Dokteren eng zousätzlech Formatioun gemaach hunn, déi eng a puncto Ëmweltmedezin, déi aner an der Sportsmedezin. Et bléift ze hoffen, datt déi fräiwëlleg Weiderbildung och an der Zukunft wäert genotzt ginn.

E weideren neie Kredit vun 200.000 Euro ass virgesi fir d'Bedeelegung un de Käschten, wat d'Mise en oeuvre vun engem virtuelle Kriibszentrum, dem Projet OPMAS, ubelaangt. OPMAS steet fir Oncology Patient Management and Audit System. D'Finalitéit vun dësem virtuellen Zentrum ass villsäiteg. Zum Beispill en eenzegen Dossier médical oncologique. De System gëtt gebraucht, wat d'Verschreiwungen ubelaangt. Et gëtt eng Vereinfachung bei der praktescher Gestioun bei Chemo- a Radiotherapie, den Transfert vun Donnéeë vun engem Service an deen aneren. Um nationalen Terrain kënne chemotherapeutesch Protokollen erstallt ginn, an dat bréngt och Verbesserunge vun den nationale Statistike mat sech.

Wat de Gebrauch vu Medikamenter ubelaangt, bedeelegt sech eist Land un engem internationale Réseau, fir den Austausch vun Informatiounen. Dëst ass ganz wichteg. Mer hu schonn erlieft, datt et kënne Schwieregkeete mat deem engen oder anere Medikament ginn, an da muss schnellstens reagéiert ginn. Dofir ass dëse Réseau fir eist Land esou wichteg.

Ervirzesträichen ass och d'Uwuesse vum Kredit Frais de fonctionnement vun de Services extrahospitaliers de santé mentale. Do ass eng Augmentatioun vun 32,69% virgesinn. Dee Kredit geet op 6,5 Milliounen Euro erop. Heimat gëtt de staarke Wëlle vun der Regierung dokumentéiert, déi bestoend Strukturen ze verstäerken an neier ze realiséieren. Iwwert de Wee vun neien therapeuteschen Ateliere misste méi mental Kranker kënnen aus der Isolatioun erauskommen, andeems se eng Schaff kréien. Och gëtt weider an adequat Wunnstrukture fir dës Leit investéiert.

An der Toxicomanie geet de Kredit bal 12% an d'Luucht, fir déi dependent krank Leit besser kënnen opzefänken.

Et gëtt och en neien eemolege Kredit virgesinn, fir eng Zentral unzeschafen, fir d'Iwwerwaachung an d'Moosse vun der Radioaktivitéit an der Loft, am Buedem an am Waasser.

Weider gëtt et Kreditter fir d'Reedukatioun zu Hamm a fir en Hangar fir den Helikopter vun der Air Rescue am Norden. D'Regierung bedeelegt sech u Konstruktiouns-, Modernisatiouns- an Equipementskäschten a verschiddenen Zentren, wéi dem Foyer Henri Dunant, der Aidsberodung, enger Structure d'accueil fir Toxicomanen, bei Abrigado, bei der Kreatioun vun agréémierte Lokaler, wou ënner Contrôle médical Droge gesprëtzt kënne ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Santéskommissioun hu mer eis laang mam Minister iwwert d'Modernisatioun vun de Spidolsinfrastrukturen ënnerhalen. Mir kruten eng Oplëschtung, wou déi eenzel Dossieren op den 1. Oktober 2002 dru sinn, sou wéi dat hinne vun deenen eenzelne Bauhäre matgedeelt gouf.

Doraus ergi sech haaptsächlech folgend Konklusiounen: Et gëtt zwee substanziell Depassementer. Beim neie Spidol um Kierch-

bierg sinn et 15,5 Milliounen Euro a beim neie Spidol zu Ettelbréck sinn et 22,5 Milliounen Euro. Déi bekannten Depassementer belafe sech zesummen op bal 40 Milliounen Euro. Dat ass jo net grad näischt. Mir goufen informéiert, dass...

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Entschëllegt, Här Bettendorf. Dir vergiesst vläicht dee substanziellen Depassement beim Rehazenter, dee bei iwwer 2 Milliarde läit.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Ech kann Iech tréischten, Här Mars Di Bartolomeo, iwwert den Depassement vum Rehazenter wäerte mer nach schwätzen, an da musse mer an d'Vergaangenheet zréckgoen. Ech free mech op deen Débat, fir mat Iech op 1990 zréckzegoen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir hätt sollen éischter lech bemierkbar maachen.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- 1990, wéi d'Pläng fäerdeg waren, fir zu Hamm de Rehazenter ze bauen, a wou duerch Är Schold dann op eemol sollt de Rehazenter an dat aalt Spidol op Diddeleng kommen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Oh, sécher net. Sécher net duerch eis Schold. Ech mengen, Dir maacht eng Geschichtsfälschung, déi eis 2 Milliarde kascht. 2 Milliarden!

M. Niki Bettendorf *(DP).*- A wou Dir dat Ganzt vu vir bis hannen verschleeft hutt. Et deet mer Leed, Här Mars Di Bartolomeo, déi Geschicht, déi schreiwe mer nach eng Kéier. Dorop komme mer doudsécher nach eng Kéier zréck.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- An enger Zäit, wou mer budgetär Aspuerunge musse maachen, huelt Dir zwou Milliarde mat lénks a Kaf.

***(Interruption)***

M. le Président.- Här Bettendorf, Dir hutt d'Wuert.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Merci Här President.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Mir goufen informéiert, datt d'Bauhären, d'Spideeler retizent sinn, fir Dossiere mat seriösen Devisën ze presentéieren.

Firwat? Während dem Bauen, kréie si vun der ITM ëmmer erëm zousätzlech nei Konditiounen operluegt, wat natierlech de Käschtepunkt vum Bau verdeiert. Wa während den Aarbechte mussen Ännerunge virgeholl ginn, da gëtt de Bau doudsécher dräimol méi deier, wéi wann d'Baupläng vun Ufank u kënnten esou exekutéiert ginn, wéi se virleien.

D'ITM, d'Inspection du Travail et des Mines, muss ee fir allemol e Katalog vun hire Fuerderungen, hiren Oploe presentéieren un déi sech de Bauhär ze halen huet. Et geet net, dass während dem Bau d'ITM zousätzlech a successiv nei Konditioune stellt. All dat bréngt et mat sech, datt d'Finanzéierungsgesetz vun de Spideeler vum 21. Juni 1999 muss modifizéiert an adaptéiert ginn.

***(M. Jean Asselborn prend la Présidence)***

Als Rapporteur vun deem Projet ginn ech elo net zréck op 1999, wéi den Här Di Bartolomeo dat elo gäre gehat hätt, dat maache mer, wa mer deen neie Projet de loi an der Chamber diskutéieren, Projet, deen de leschte Freideg am Conseil de Gouvernement duerchgaangen ass an deen de Minister eis an enger nächster Sitzung wäert virstelle kommen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Très bien.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- D'Loi de financement vun 1999 gëtt an Etappen...

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- No der Salamitaktik.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- ...ugepasst. D'Salamitaktik ass nach ëmmer besser, wann e Projet fäerdeg ass, wéi dat, wat Dir an der Zäit gemaach hutt, wou Dir 15 Projete presentéiert hutt, wouvun der nëmmen 8 fäerdeg waren a siwe guer net.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Jo, mir waarden awer elo dräi Joer, ouni dass iergendeppes aus der Maschinn erauskomm kënnt. Also, Här Bettendorf!

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Mir waarden elo zënter dräi Joer, dass Projete kommen. Ech wëll lech soen, dass...

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert net.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Jo, an Dir sidd net President.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här President, wann ech hei schwätzen an ech gi vum Här Mars Di Bartolomeo ënnerbrach, dat mécht mer u sech näischt aus, mä déi Zäit, déi geet menger Partei verluer. Ech ka mer dat net leeschten, dass déi Zäit menger Partei verluer geet. D'LSAP huet keng Zäit méi. Bei hinne war de roude Strëch do. Si sollen also elo net dervu profitéieren, fir iwwert de Wee vun esou Saache kënne méi laang hei ze schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- An Är Zäit ass geschwënn eriwwer.

M. le Président.- Här Bettendorf, et wär gutt wa mer erëm Rou an eis Debatte géinge bréngen. Sidd Der d'accord?

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här President, ech zielen op Iech.

Ech hu gesot, d'Loi de Financement vun 1999 gëtt an Etappen ugepasst. An deem éischten Deel sinn et fënnef Projeten.

Den éischte Projet: Den INCCI, den Institut national de cardiologie et de chirurgie interventionnelle. Bei der Inbetriebnahm vum Institut 2001, wor en ze kleng an et gouf eng Autorisatioun ugefrot, fir en ze vergréisseren. Och waren 1999 d'Käschte vum éischten Equipement net abegraff.

Zweete Projet: D'Klinik Dr. Bohler um Kirchbierg. Dëse Projet ass fäerdeg a läit beim Minister, fir approuvéiert ze ginn.

Drëtte Projet: De Centre national de radiothérapie François Baclesse. De Centre war ze kleng, wéi en ageweit gouf a muss dréngend vergréissert ginn. Den Devis beleeft sech op 24 Milliounen Euro. De Projet ass vun der Commission permanente des hôpitaux guttgeheescht ginn, an de Regierungsrot huet säi Prinzipienaccord dozou ginn.

De véierte Projet ass d'Modernisatioun vun der Kannerklinik. Dat ass den absolut prioritäre Projet. Käschtepunkt 42,8 Milliounen Euro géint 7,5 Milliounen Euro, déi 1999 als forfaitaire Montant an der Gesamtenveloppe vum CHL virgesi woren an déi de reelle Besoine awer och guer net entsprach hunn.

Eis Kommissioun huet am Laf vun de Joren net mat Kritik gespuert an ass net midd ginn, op dës Urgence ëmmer erëm hinzeweisen. Mir si frou, datt elo Neel mat Käpp gemaach ginn.

Bei dëser Modernisatioun vun der Kannerklinik kënnt dann och nach d'Mise en sécurité vun der Maternité Grande-Duchesse Charlotte dobäi. Och hei huet d'Regierung hiren Accord de principe ginn. Käschtepunkt 5,1 Milliounen Euro. Et kann och bäigefügt ginn, datt à moyen terme eng nei Maternité muss gebaut ginn, déi un d'Kannerklinik soll ugebonne ginn; also e modernt Konzept Mamm a Kand.

Als fënnefte Projet gëtt d'Eecher Klinik moderniséiert. Den definitive Projet ass beim Minister, fir autoriséiert ze ginn.

D'Santéskommissioun ass mam Minister averstanen, datt d'Finanzéierungsgesetz vun 1999 an Etappen ëmgeännert an ugepasst gëtt. Esou, wéi d'Projete fäerdeg ginn a si kréien dann och keng Retarden. Et brauch net op déi gewaart ze ginn, déi méi lues sinn.

Op Grond vum Minister sengen Explikatiounen ass eis Kommissioun dovun iwwerzeegt, datt déi nei Projeten an den Depassementer, mat deenen hie befaasst gouf, absolut noutwendeg sinn an net kënnen différéiert ginn. Et muss ee sech virun Aen halen, dass an de leschten 20 Joer ganz modest an d'Spidolsinfrastrukturen investéiert gouf an dass dat an der Zukunft muss kontinuéierlech geschéien.

Am Rapport vun der Kommissioun weise mer weider drop hin, datt eng Rei vun aneren Depassementer nach mussen analyséiert ginn an nach weider muss no Synergië gesicht ginn.

D'Finanzéierungsgesetz vun 1999 stoung deelweis op wackelege Féiss. Déi eng Projete ware gutt, se ware fäerdeg, anerer awer hate e reng forfaitaire Charakter an hunn net op de reelle Besoine baséiert. Si sinn einfach mat engem fiktive Käschtepunkt an déi disponibel Gesamtenveloppe eragepasst ginn.

Wat an der Zukunft u Spideeler a Better gebraucht gëtt, ass net einfach virauszegesinn. Et muss awer dem Uwuesse vun der Bevölkerung Rechnung gedroe ginn. Modularbauen ass dofir wichteg, fir kënne schnellstens ze reagéieren. 2005 mussen d'Besoine preziséiert ginn. Bis dohinner ass de Programm vun de Maisons de soins a Centre intégrés gréisstendeels realiséiert an den Taux d'occupation an de Spideeler ka réexaminéiert ginn. Bis dohi ginn an de Spideeler Langzäitbetter fräi a kënnen als Lit aigu gebraucht ginn. Sécher gëtt d'Spidolsopenthaltsdauer duerch eng méi performant a modern Medezin och nach weider erofgesat.

Här President, Enn 2003 huet eist Land fënnef ERMen, Equipements de résonance magnétique nucléaire. Den CHL an dat Escher Spidol hunn eent, dobäi kommen d'Zitha, dat neit Spidol um Kierchbierg an dat neit Spidol zu Ettelbréck. Dëst ass vu grousser Wichtegkeet, gëtt et dach bei eis riseg laang Waardenzäiten an dofir och vill Transferten an dat not Ausland. E sechsten ERM kéint op Nidderkuer kommen. D'Demande gouf gestallt a gëtt am Ableck ënnersicht.

Och de Patscan, deen neien Tomographe à émission de positrons, wäert am Fréijoer am Centre Hospitalier operationell sinn. De Projet Laboratoire national de santé zu Diddeleng ass um Punkt, fir finaliséiert ze ginn.

Här President, dëse Rapport vun der Kommissioun gouf vun de Majoritéitsparteie guttgeheescht. Et gouf keng Géigestëmm, just dräi Enthalungen, wat beim Budget schonns aussergewéinlech ass. Et schéngt also e gudde Rapport ze sinn, oder deit op eng gutt Aarbecht hin, déi an deem Ministère gemaach gëtt, a weist weider op déi gutt Aarbecht hin, déi am Beräich Santé a Sécurité sociale geleescht gëtt.

Als Rapporteur sinn ech houfreg, datt all d'Kolleegen aus der Kommissioun eestëmmeg mat op de Wee gaange sinn, d'Regierung opzefuerderen, datt och bei de kommende Budgeten de Spezialfong fir Spidolsinfrastrukturen déi jährlech noutwenneg Dotatioune kritt, fir datt d'Finanzéierungsgesetz vun de Spidolsinfrastrukture mat den Adaptatiounen an den neie Projete kënne Realitéit ginn. D'Investissementer an eis Spidolsinfrastrukture sinn als absolut prioritär ze betruechten.

***(Interruptions)***

Ech hu gesot, domadder sinn ech um Schluss vu mengem Rapport ukomm.

An eegener Saach wëll ech nach vläicht e Saz bäifügen. Einfach erausgegraff aus dem grousse Budget, een Departement, sief dat d'Santé, sief dat d'Famill, da gesäit een - ech soen elo d'Famill, well d'Madame Familljeminister do ass -, wann een einfach esou ganz Chapiteren aus engem Budget erausgräift, wéivill um Terrain geschafft gëtt a wat vill Guddes an deem Budget dra stécht.

Ech muss Iech soen, ech hunn d'Riede gelauschtert vun eisem Premier a Finanzminister, a vum Budgetsminister, vun alle Kolleege Fraktiounspresidenten an och vun all deenen anere Kolleegen, a mir ass et virkomm, wéi wann hei zu Lëtzebuerg un engem Teppech géif gerappt ginn, ganz oft jiddfereen a seng eege Richtung. Mir ass et e bëssen Angscht, wa jiddereen hei am Land a seng eege Richtung zitt, dass d'Gefor besteet, dass den Teppech engesdaags futti fiert. Dat wier Schued.

Ech géif fannen, dass mer hei zu Lëtzebuerg, an enger Zäit, wou et dem Land net esou gutt geet, alleguerte géifen un engem Strang zéien am Intérêt vun eisem Land.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Bettendorf. Den nächste Riedner ass den Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Här President, Dir Dammen, Dir Häre, fir d'éischt wëll ech dann och vun dëser Plaz aus dem Budgetsrapporteur, dem Emile Calmes, merci soe fir säi schréftleche wéi och mëndleche Rapport.

Déi wirtschaftlech a finanziell Entwécklung vun eisem Land huet an deene leschte Wochen, géing ech soen, déi politesch Aktualitéit hei zu Lëtzebuerg dominéiert. Nach ni an deene leschten zéng Joer ware mer an där Form mat Steierabousse konfrontéiert. De Géigendeel war éischter d'Regel. Vill heibannen, an och soss wou, hu sech éischter Gedanke gemaach, wéi mer dem Geld solle lass ginn, wéi dass se sech Gedanke gemaach hätten, oder Restriktiounen operluegt hätten, wéi mer es kéinten aspueren.

Et ass ganz kloer, an dat wësse mer mëttlerweil jo och alleguer, dass d'Viraussetzungen haut anescht sinn, wéi dat nach virun der Summerpaus de Fall war. De Premier huet d'lescht Woch hei en long et en large explizéiert, wou d'Ursaachen ze siche sinn a wat fir eng Konsequenzen dee weltwäite wirtschaftlechen Abroch selbstverständlech och fir Lëtzebuerg huet.

Ech mengen, an dat am Contraire zu Leit, notamment den Oppositiounsriedner, dass een der Regierung an dësem Deel keng Reprochë brauch ze maachen, souwuel net fir hir Budgetsplanungen, déi jo, wéi mer all wëssen, nëmme bedéngt richteg waren, wéi och fir déi budgetär Upassungen, déi dorophin néideg gi sinn. D'Recettësäit vun deem Budgetsprojet berout schliesslech op deenen Zuelen an op deene Prognosen, déi zu deem Zäitpunkt disponibel sinn.

Keen heibannen, Här President, och net déi Leit, déi virdru geschwat hunn, den Här Krecké, den Här Bodry oder den Här Bausch, keen heibannen, kee vun hinnen, an och kee soss wou, ass mat Sécherheet beruff, fir vu sech kënnen ze behaapten, en hätt déi richteg Prognosen elei kënne stellen.

Fakt ass awer, dass d'Regierung - an ech behaapten, dass dat sécherlech de sprangende Punkt ass - reagéiert huet, soubal déi nei Zuelen a Chifferen um Dësch louchen. Si huet eng nei Aschätzung vun de Recettë virgeholl a gläichzäiteg d'Dépensen deementspriechend ugepasst, fir de Budget am Equiliber, also ouni Defizit, kënnen ze presentéieren.

Et däerf an et soll een awer elo net den Däiwel un d'Mauer molen. De Statsminister huet d'lescht Woch am Bezuch op de Budget vun engem Sickerbrand geschwat, an et soll een oppassen, dass net op eemol e ganze Stack oder d'ganzt Haus brenne géif. An anere Wierder, d'Situatioun ass eescht a se muss och mat deem néidege Sérieux behandelt ginn.

Lëtzebuerg huet awer, Här President, nach ëmmer, soen ech, eng ganz Partie Trëmp an der Hand. Dat ass zum Beispill den Niveau vun de Reserven, déi jo, mir wëssen dat, ganz beachtlech ass. Déi verschidde Fongen a Reservë si mat praktesch dräi Milliarden Euro an deene leschte Joren gespeist ginn. Just d'Fonge beweisen, wéi richteg d'Finanzpolitik vum Tandem Juncker-Frieden war. Wann haut all déi Leit missten hei untrieden, déi d'Sue léiwer op anere Plaze gesinn hätten, oder op anere Plazen ausginn hätten, da wäre se zolidd a Schwieregkeeten, wa si selwer missten e Budget vun dëser Valeur presentéieren.

***(Interruption)***

Jo, dat ass esou. Dat hu mer jo och héieren.

D'Suen an de Fongen, Här President, si mat Sécherheet keng heemlech Mouk. D'Uleeën an d'Speise vun de Fongen huet eppes mat wäitsiichteger Finanzpolitik ze dinn.

Dem Här Bausch, deem wëll ech da soen - en ass leider elo net hei -, dass dat déi roueg CSV-Hand war, vun där e gëschter geschwat huet. A gleeft mer et, Här President, déi wäert och an Zukunft ganz roueg bleiwen.

***(Interruption)***

Wat mengt Der, Här Henckes?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Net vill.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Dat kënnt Dir just beuerteelen.

Une voix.- Den Här Bausch lauschtert do ënnen no.

M. Lucien Clement *(CSV).*- D'Steierreform war eng richteg Entscheedung. Och wann de Konsum a verschiddene Branchen zum Deel als réckleefeg ze bezeechnen ass oder net esou verleeft, wéi ee sech dat no enger Steierreform konnt virstellen.

Bleift awer ënnert dem Strëch d'Fro: Wéi géifen déi negativ Tendenzen zu Buch schloen, ouni déi Steierreform? Dës Fro kréie mer haut net mat 100%eger Sécherheet beäntwert. De Surplus u Geld, deen de Bierger huet, bleift esou oder sou, awer zu engem gewëssenen Deel, am Konsum.

Hei ee Wuert, Här President, zu der Mindestlounerhéijung. Ech ginn dem Premier Recht, wann e seet, wa schonns soll gespuert

ginn, däerf een et ënner kengen Ëmstänn bei deene maachen, déi schonns net esou vill hunn. Ech si souwisou där Meenung, an dat hunn ech och schonns e puermol hei op dëser Tribün gesot, dass d'Augmentatioun vun der Masse de salaire, déi de Mindestloun betrëfft, zu 100% erëm zréck an de Konsum fléisst. Wann een engem Mann oder enger Fra, déi 1.250 Euro verdéngt, 50 Euro méi an d'Täsch gëtt, déi geet mat deene 50 Euro bei de Bäcker, bei de Metzler oder a soss e Geschäft. Op jiddfer Fall gëtt se se aus. Op jiddfer Fall fléissen déi 50 Euro integral zréck an de Konsum. Dat ass awer net ëmmer de Fall, wann eng Augmentatioun vun deene méi héije Salairen an d'Haus steet, eng Augmentatioun, wéi mer se deelweis duerch déi Steierreform hei erfuer hunn. Dës Sue lande ganz dacks am Ausland, an der Vakanz oder op engem Spuerkont. Dëse Reflex, Här President, ass am Fong geholl jo mënschlech, en ass u sech net falsch an en ass ganz liicht novollzéibar. Ech wollt just heimat beweisen, datt et net onbedengt d'Bezéier vun héije Gehälter sinn, déi eng Augmentation de salaire ganz an de Konsum ofginn.

Eng Erhéijung vum Mindestloun huet nach eng aner Säit vun der Medail. Eis Betriber stinn nach wie vor - an dësen Zäiten nach méi wéi virdrun - an engem schwierege Konkurrenzkampf mat de Betriber aus der Groussregioun oder mat de Betriber vu méi wäit ewech. Den Här Krecké huet gëschter richtegerweis op dëser Tribün gesot, an ech zitéieren: „D'Handwierk an d'Baulandschaft sinn a Schwieregkeeten." Eng Erhéijung vum Mindestloun bedeit fir dës kleng Betriber, an ech betoune kleng Betriber, déi mer jo alleguerten awer wëllen ënnerstëtzen, well se de Garant fir vill Aarbechtsplaze sinn, eng ganz zolidd Belaaschtung. Et gëtt jo net nëmmen de Mindestloun erhéicht an esou Betriber, mä automatesch ginn d'Salairë vun den Employéë vum Betrib, Salairen, déi bis ongeféier 25% iwwert dem Mindestloun leien, mat erhéicht. Wann de Betrib dat net géing maachen, da géif déi Spiral tëschent deem, deen de Mindestloun verdéngt an deem, dee 20 bis 25% driwwer läit, zolidd zesummeschrumpfen.

Dann, Här President, wëll ech nach eppes zum Här Lux soen: Wéi den Här Krecké gëschter hei vun honnerte Milliounen Escroqueries fiscales geschwat huet, a wou ech dem Här Krecké Recht ginn, datt ee sech soll Moyenen a Mëttele ginn, fir dat ze vermeiden, do huet den Här Lux gemengt en Zwëscheruff missten ze maachen: „An da kräischen se och nach iwwert de Mindestloun". Dofir wëll ech dem Här Lux soen, …

***(Interruption)***

Jo, den Här Lux ass net hei, mä ech wëll et awer soen.

…datt et deene Betriber, déi absichtlech Steierhannerzéiungen am grousse Stil organiséieren, eng Erhéijung vum Mindestloun egal ass. Déi hu ganz aner Ziler, wéi sech doriwwer ze iergeren. An deenen, deenen eng Erhéijung net egal ass an deene se wéi deet, dat sinn déi kleng Betriber, déi dacks mat hire fënnef a sechs Leit Personal ëm hir Existenz kämpfen.

Aus dëse Grënn, Här President, déi ech elo opgezielt hunn, sinn ech der Meenung, datt ee just a méi schwieregen Zäiten, wéi mer se elo kennen, soll iwwer aner Modeller a Mechanismen an dësem Beräich nodenken. Et misst mat Sécherheet e Modell sinn, deen dat éischt, d'Erhéijung vum Mindestloun - dat hunn ech elo grad erklärt -, net géif ofschafen, den Doléancë vun de Betriber awer an engem gewëssene Mooss géif Rechnung droen. Ech kënnt mer do am Beräich vun de Steiere schonn iergendeppes virstellen.

Bei alle Schwieregkeeten, Här President, déi d'Finanzplaz am Moment kennt, wäert se och an Zukunft awer den Haaptpilier vun eiser Wirtschaft bleiwen. Doduerch datt se den Haaptpilier ass, wäert se dann och dee wichtegste Steierzueler hei am Land sinn. Bal d'Halschent vun eise Steierrecettë kënnt am Moment vun der Finanzplaz. Dofir musse mer d'Finanzplaz weider ënnerstëtzen, fir datt se international konkurrenzfäeg bleift, mä dat, Här President, geet alles net duer. Op d'Problematik Finanzplaz wëll ech awer elo net am Detail agoen, well dat viru mir scho genuch Leit gemaach hunn. De Schlëssel awer, fir eisen nach ëmmer virhandene wirtschaftlechen a materielle Wuelstand ze konservéieren, eventuell mëttelfristeg gesinn nach weider auszebauen, läit an enger méi aktiver Diversifizéierungspolitik.

Dat heescht, datt nei Wirtschaftscréneauë fonnt musse ginn. Ech denken hei zum Beispill un d'Betriber, déi spezialiséiert sinn am Domän vun héijer Technicitéit, un d'Biotechnologien oder un d'Forschung. De Rapporteur, den Emile Calmes, huet sech heiriwwer en long et en large expriméiert. Ech wëll just dozou soen: Eng Forschung mat Wëssenstransfert direkt un d'Betriber ass a gëtt ëmmer méi wichteg.

Op där anerer Säit mussen awer déi enracinéiert Wirtschaftssecteure mat aller Kraaft ënnerstëtzt ginn. Heimat viséieren ech besonnesch d'Handwierk, an domat déi Kleng- a Mëttelbetriber. An de PMEe stécht nach ëmmer e ganz gewaltegt Entwécklungspotential. Si schafen net nëmme vill Aarbechtsplazen, et sinn an der Regel, géif ech soen, och nach relativ sécher Aarbechtsplazen, mä se suergen och nach fir zolidd Steierrecetten, vläicht net ëmmer am Beräich vun den direkte Steieren, mä duerch déi intensiv Aart a Weis wéi se schaffen, fale selbstverständlech vill Steieren am Impôts sur les salaires un. Och sinn déi Sozialariichtungen op d'Beiträg vun deenen dausenden, déi an de mëttelstännege Beruffer schaffen, ugewisen. Dofir riichten ech en dréngenden Appel un d'Regierung, datt se de Mëttelstand an d'Handwierk weider konsequent, ouni wenn und aber, ënnerstëtzt.

D'Implantatioun vun neien héichtechnesche Betriber hei zu Lëtzebuerg gëtt selbstverständlech nei Méiglechkeete fir déi traditionell mëttelstänneg Betriber. Si kréien hei d'Méiglechkeet, fir Zulieferer fir dës nei Betriber ze ginn. Och dat wär, géif ech soen, e wichtegt Instrument, wat d'Diversifizéierung ugeet.

En Haaptproblem vum Lëtzebuerger Handwierk ass a bleift awer dee feelenden Nowuess. Ëmmer méi kleng Betriber kloen iwwer e Manktum u qualifizéierten Aarbechtskräften a souguer un onqualifizéiertem Personal. Geléiert Handwierker gëtt et scho méi laang net méi a genügender Quantitéit um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart. Och de Reservoir un Handwierker an der Groussregioun ass esou wäit erschöpft, obschonn hei am noen Ausland bal duebel esou vill Leit pro Betrib ausgebilt ginn, wéi dat hei zu Lëtzebuerg de Fall ass. D'Zuelen, déi ech elo nennen, beweisen dat: 340 Léierplazen op 1.000 Betriber hei zu Lëtzebuerg, 674 pro 1.000 Betriber a Rheinland-Pfalz, 736 pro 1.000 Betriber am Saarland. Nëmmen d'Wallonie an d'Lorraine leie mat 102, respektiv 253 hanner Lëtzebuerg.

Ech hu scho méi oft an der Chamber op dëse Problem higewisen a wäert et nach eng Kéier maachen. Den Output vum klasseschen dualen Ausbildungswee, wéi mir en haut kennen, dat heescht Schoul plus Betrib, ass ze kleng, fir eng richteg Regeneratioun plus d'Fortbestoen vu verschiddenen Handwierksberuffer sécherzestellen. Bei de Léierbouwen oder Léiermeedercher geet et un. Et ass och do, wou de Schong ganz besonnesch dréckt.

Ech hunn d'Zuelen aus dem Annuaire statistique 2001 vun der Chambre des Métiers nach eng Kéier ënnert d'Lupp geholl. Wann een den Zäitraum 2000 bis 2001 kuckt, sinn d'Zuele vun de Léierkontrakter ëm 29% zréckgaang. An deene leschten zwee Joer sinn trotz steigendem Chômage 345 Léierplazen net besat ginn. D'Patronat hat sech verbindlech engagéiert méi Léierplazen am Handwierk ze schafen. Dat hat och esou geklappt, mä trotz groussen Ustrengungen, souwuel an der Schoul wéi vun der ADEM, konnt een, ausser an de Joren 1998 bis 2000, keng Amélioratioun vun dëser kruzialer Fro feststellen.

Dofir muss ee sech weiderhi mat der Fro beschäftegen, firwat sech ëmmer manner jonk Leit fir eng Léier an engem Handwierksbetrib entscheeden. Op déi Fro, Här President, gëtt et mat Sécherheet méi wéi eng Äntwert an et brauch ee mat Sécherheet méi wéi ee Mechanismus, fir dësem Problem bäizekommen.

D'Handwierk huet no bausse leider nach ëmmer en zimlech negativen Image. Ausser a Sonndesrieden, wou déi 100.000 Aarbechtsplazen aus deem gesamte Mëttelstandssecteur ervirgehuewen an als Pilier vun der Lëtzebuerger Ekonomie dohigestallt ginn, gëtt sech och hei an dësem héijen Haus séier wéineg mat dëse Problemer beschäftegt.

Vill jonk Leit kréie vun hiren Elteren dacks ofgeroden, fir en Handwierk ze léieren. Ganz oft ginn déi Jugendlech falsch oder guer net beroden. Leider muss ee feststellen, datt déi öffentlech Diskussioun iwwert d'Handwierk sech ganz oft op e puer Negativaspekter beschränkt. Dat ass op där enger Säit dee béise Patron, dee seng Aarbechter ausbeut a selbstverständlech schlecht behandelt. Dat sinn déi vill Failliten, déi Entloossunge mat sech zéien. Ech kéint a menger Opzielung nach weidermaachen.

En Handwierksberuff muss ee gäre léieren an et muss och Spaass maachen. Mä dëse Secteur bitt, wann d'Ëmfeld stëmmt, nach ëmmer ganz exzellent Zukunftsperspektiven, Zukunftsperspektiven, déi sech net nëmmen drop beschränken, fir eng sécher Aarbechtsplaz ze sinn, mä déi och finanzieller Natur kënne sinn.

D'Perspektive reeche vun e bëssen Entrepreneursgeescht bis hin zu engem eegene Betrib. Mir hunn elo hei zu Lëtzebuerg adequat Instrumenter, fir och jonke Leit mat enger gudder Ausbildung, awer mat wéineg oder kenge finanziellen Eegemëttel bei der Grënnung vun engem Betrib ze hëllefen. Ech mengen, hei huet de Ressortminister Fernand Boden, zesumme mat aneren, eng ganz gutt Aarbecht geleescht

E selbstännegen Handwierker, deen eng gutt Ausbildung hannert sech huet, dee Freed u sengem Beruff huet an dee gäre schafft, huet mat grousser Sécherheet, wann d'Ëmfeld stëmmt, eng gutt Zukunftsperspektiv. D'Fro, déi sech stellt, an dat gesäit d'Chambre des Métiers och esou, ass, ob de Problem vun der Qualitéit vum Produit ofhänkt, e Produit, deen Apprentissage traditionnel heescht, oder hänkt de Problem um Marketing oder un der Kommerzialisatioun vum Produit „apprentissage".

Déi zweet Fro betrëfft d'Orientatioun an de Beruff. Wier et dat, Här President, da wier selbstverständlech d'Schoul zolidd mat gefuerdert. Bis elo ass et esou, dass ee während der Léier manner wéi de Mindestloun, a vill manner wéi de Mindestloun verdéngt, plus ou moins nëmmen d'Halschent. Vill Jugendlecher soe sech, ech wëll awer net manner verdéngen an dowéinst probéieren ech éischter op eng onqualifizéiert Aarbechtsplaz ze kommen, wéi dass ech e Beruff léieren. Si hunn also eng Preferenz, wéinst deem Finanziellen, fir eng onqualifizéiert Aarbechtsplaz.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

An der Praxis maachen d'Jugendlecher dëse Choix, wat, a mengen Aen, e falsche Choix ass, an dat well se vun doheem oder an der Schoul keng oder bal keng Ënnerstëtzung kréien, oder besser gesot, keng oder net déi noutwendeg Erklärunge kréien. Aus dëse Grënn muss ee versichen, d'Léier finanziell méi attraktiv ze gestalten. Et muss een no Modeller sichen, déi et de Léierbouwen an de Léiermeedercher erlaben, fir op den Niveau vum Mindestloun ze kommen. Dat soll awer net eleng zu Laaschte vun de Betriber goen, déi d'Leit ausbilden, well esou e Betrib investéiert jo scho ganz vill an d'Formatioun vun deem jonke Mënsch, wou en och kontraktlech dozou verflicht ass. Den Invest vum Betrib an eng Léierplaz huet esouwuel en zäitopwennege wéi och e finanzielle Volet. Ech mengen, d'Regierung soll hei bei deem finanzielle Volet mathëllefen. Et soll versicht ginn, d'Léierzäit méi attraktiv ze gestalten, sief et duerch Primen, déi ee kritt bei engem positiven Ofschloss, sief et duerch en anere Modell, deen een nach misst festleeën.

Dat, Här President, hat ech méi oder wéineger an där nämlechter Form oder an ähnlecher Form, mat e bësse méi perséinleche Proposen, scho virun engem halwe Joer op dëser Tribün gesot, an dofir sinn ech ganz frou, datt d'Chambre des Métiers an hirem Rapport zum Budget dës Pisten opgegraff huet. D'Chambre des Métiers schwätzt an hirem Rapport vun enger méi attraktiver Offer vun der Formatioun, dem Apprentissage-emploi nennt se dat. Ech wëll hei op verschidde Punkten dovun agoen.

1. D'Instauratioun vun deem System Apprentissage-emploi, d'Matunhiewe vun de Primë bis op den Niveau vum Mindestloun.

2. Wéi d'Kollaboratioun tëschent deem Betrib, deen ausbilt, an der Schoul funktionéiere soll, muss duerch e Gesetz oder duerch e Reglement festgeschriwwe ginn.

3. De Léierkontrakt soll tëschent dem Betrib - an dat soll anescht gi wéi et bis elo ass -, der Schoul, dem Apprenti-stagiaire an deem sengem Représentant légal ofgeschloss ginn.

4. D'Orientatioun zum Beruff an der Schoul muss nach verstäerkt ginn, an dat ënner Berücksichtegung vun de schouleschen, wéi och vun de manuelle Qualitéite vum Eenzelnen.

5. D'Revisioun vum Recht fir kënne Léierbouwen oder Léiermeedercher auszebilden steet am Raum. Bis haut ass dat nëmmen de Besëtzer vu Meeschterkaarte virbehalen. Dann nach d'Formation continue fir all Leit, déi Léierbouwen ausbilden. Hei ass esouwuel de Patron wéi d'Schoul viséiert.

6. Méi Visiten a Stagen an anere Betriber sollen och fir Leit vun der Schoul virgesi ginn.

7. Och wann e Schüler eng Klass oder eng Léier net packt oder net gepackt huet, sollen awer déi positiv Resultater an engem Passeport de formation festgehale ginn, an dat am Kontext vum life long learning. D'Léierzäit am Betrib plus d'Schoulzäit däerfe selbstverständlech déi legal Aarbechtszäit net iwwerschreiden.

De Recours, Här President, op Modeller wéi d'Ecole de la deuxième chance oder d'Mise au travail, soll op e strikte Minimum begrenzt ginn. Dës Modeller sollen an däerfen op kee Fall d'Ecole de la première chance ersetzen oder dofir gebraucht ginn.

De leschte Punkt, d'Mobilitéit vun de Schüler, ass en Thema a wäert och an Zukunft en Thema bleiwen. Et ass, Här President, Utopie fir ze gleewen, den öffentlechen Transport kënnt dëse Problem zu 100% léisen. An dësem Kontext wier et mat Sécherheet net falsch, wa bei all Schoulprojet, deen op den Instanzewee geschéckt gëtt oder dee soll gebaut ginn, d'Noutwendegkeet oder d'Machbarkeet vun engem Internat mat an Etüd abezu géif ginn. Ech soen net, et misst bei all Schoul en Internat gebaut ginn, mä du moins soll ee kucken, ob et néideg op där Plaz wär oder net.

E weidere grousse Punkt sinn d'Failliten. Et muss ee leider feststellen, datt an deene leschte Joren d'Zuel vun de Failliten ëmmer méi héich ginn ass. 2001 si 733 Faillitë gesprach ginn. Et kann een dovun ausgoen, datt een Drëttel vun de Failliten e kriminelle Volet huet. De Rescht vun de Failliten ass strukturell oder konjunkturell bedéngt.

De Justizminister schafft intensiv un enger Reform vum Faillitërecht. Et ass wichteg, datt dës Reform esou séier wéi méiglech op den Instanzewee geschéckt gëtt. An deem Kontext weisen ech och op d'Urgence vum Gesetzesprojet hin, deen déi europäesch Direktiv iwwert d'Lutte contre les retards de paiement dans les transactions commerciales an dat Lëtzebuerger Recht transposéiere soll.

Bezuelungsréckstänn sinn e groussen Iwwel fir dat wirtschaftlecht Liewen, egal ob se ënner Partenairen aus der Privatwirtschaft oder tëschent dem Stat an der Privatwirtschaft bestinn. Si bedroen awer haaptsächlech gesond kleng Betriber. Duerch de Fait, datt e gréissere Betrib oder wéi a ville Fäll och de Stat sengen Obligatiounen net zur Zäit nokënnt, kënne kleng Betriber mat an de Strudel gezu ginn.

Weiderhin erënneren ech drun, datt d'Regierung am Kader vum Plan PME ugekënnegt huet, fir bei all Projet de loi eng Fiche d'impact fir de Mëttelstand bäizefügen. Ech muss feststellen, datt bis elo nach keng Fiche d'impact dobäi war. D'Chamber des Métiers schwätzt vun engem Projet, wou eng Fiche d'impact unhängeg wär.

Ech wëll awer ganz kloer soen, hei ass net eleng de Ressortminister gefuerdert, hei ass d'Regierung an d'Kollektivitéit gefuerdert. Ech wënsche mer, datt an Zukunft dat anescht gëtt. Ze wënsche wier nach, datt am Fall, wou vläicht scho méi esou Fiches d'impact erstallt gi wären, se bei den Documents parlementaires bäigefügt géinge ginn.

Wann een d'Zuele kuckt, déi d'Entwécklung vu verschiddenen Handwierksbranchen duerstellen, da gesäit een, datt a verschiddene Branchen de Pegel no ënne weisst. Dat gëllt besonnesch fir d'Alimentatiounsberuffer. Bäcker a Metzler waren, géing ech soen, an der Zäit ëmmer erstrebenswäert Beruffer oder si sinn emol als déi ugesi ginn, déi, wéi am Volleksmond gesot gëtt, och nach finanziell als lukrativ anzestufe waren.

Wann ee sech awer elo déi negativ Entwécklung vu just dësen zwee Beruffer ukuckt, da lafen engem d'Schudderen de Bockel eran. Et wäert, Här President, net méi laang daueren, da wäerten déi zwee lescht Handwierkersberuffer, Bäcker a Metzler, an de Musée kommen.

Une voix.- Oder an d'Chamber!

M. Lucien Clement *(CSV).*- Jo, oder an d'Chamber. Du moins ass da wéinegstens een hei, deen iwwert de Mëttelstand schwätzt.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Wat maache mer da mam Mëttelstandsminister?

M. Lucien Clement *(CSV).*- Leet Äre Kapp do a Rou, Här Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Ech maache mer awer Gedanken.

***(Interruptions diverses)***

M. Lucien Clement *(CSV).*- Huet den ADR och nach Zäit, Här President?

Vill Betriber, wou de Patron am Alter ass, fir a Pensioun ze goen, fanne kee Successeur méi. Do hëlleft och déi an der Chambre des Métiers ugesidelt Bourse d'entreprise net alles. Vill Betriber, déi auslafen, sinn och wahrscheinlech net méi um leschte Stand, wat d'Technik ugeet. Den Nofolger ass mat importenten Renovéierungsaarbechte konfrontéiert, notamment um Niveau vun der Energie renouvelable, neie d'Kühltechniken, HNCCP an esou weider. Ech weess, datt de Ressortminister Fernand Boden - an den Här Henckes soll elo nolauschteren, well de Moien huet hien et falsch gesot - d'Aide au capital am Kontext vun der Loi-cadre vun 12% op 15% erhéicht huet.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Dat ass net élargéiert.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Also, Här Henckes, Dir hutt de Muere gesot, do wär näischt geschitt.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Do ass och näischt geschitt.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Ech wëll Iech soen, datt den Här Boden...

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Soll ech Iech dann emol liesen, wat an den Avise vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce steet?

Ech mengen, ech hunn dat besser gelies ewéi Dir. Dat wat richteg ass, dat ass, datt am Reglement iwwert d'Aiden an nei Technologien, déi Aiden, déi 25% Bäihëllef virgesinn hunn a vum Ministère de l'Energie accordéiert gi sinn, ofgeschaaft gi sinn. Dat ass richteg, mä Dir hutt net gesot,...

M. Lucien Clement *(CSV).*- Dat ass et net. Et ass näischt geännert ginn.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- dass d'Refom vun der Loi-cadre esou séier wéi méiglech komme muss.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Voilà, do si mer eis eens, Här Clement.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Dir hutt de Mueren hei behaapt, den Här Boden hätt bei den Aiden an der Loi-cadre näischt gemaach. Hien huet den Taux vun 12 op 15% eropgesat.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Mä de Rescht net!

M. Lucien Clement *(CSV).*- Dat ass falsch, wat Dir do gesot hutt, dass hien do näischt gemaach hätt. Mä wat richteg ass, wann d'Loi-cadre kënnt, dass ee méi diversifiéiert, méi séier muss handelen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Voilà, dat ass dat wat ech haut de Muere gesot hunn.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Dat hutt Dir guer net esou gesot. D'Gesetz, an den Här Boden weess dat an e mécht dat och, dat wäert deemnächst kommen.

D'Gesetz iwwert den Travail clandestin vum 3. August 1977 muss selbstverständlech moderniséiert ginn, et ass just haut a schwieregen Zäiten gutt, wa mer do e performant a modernt Gesetz hunn.

Ofschléissend wëll ech awer och nach e puer Bemierkungen zur Landwirtschaft maachen. D'Entrée en vigueur vum Gesetz vum 24. Juli iwwert de Soutien au développement rural, dat Instrument, dat d'Restrukturatioun an d'Entwécklung vun de landwirtschaftleche Betriber a vun de Wënzerbetriber erméiglecht. Fir déi konkret Moossnamen ze finanzéieren, ass de Fonds d'orientation économique et sociale pour l'agriculture mat 18 Milliounen Euro dotéiert ginn.

Dat, Här President, si vill Suen. Ech hoffen, dass den Ackerbauministère sech déi néideg Mëttele gëtt, fir dass en d'Rëckstänn, déi an der Beaarbechtung vun individuellen Dossieren bestinn, esou séier wéi méiglech bewältege kann. Dës Rëckstänn si jo zum Deel duerch dee Vide juridique bedéngt, deen entstanen ass an dem Zäitraum tëschent dem Auslafe vun deem ale Gesetz bis dat neit Gesetz komm ass.

Ee weidere wichtege Punkt ass d'Diversifizéierung vun der landwirtschaftlecher Produktioun. Hei muss et zu neie Produktiounsberäicher kommen, an ech sinn der Meenung, dass d'Politik selbstverständlech och hei ge fuerdert ass. Si muss dat Ganzt legislativ encadréieren an och finanziell begleeden.

Mä, Här President, wat fir eng nei Produktiounen dat si sollen - an den Här Mehlen kann nolauschteren -, a wéi dës Produktiounen an der Praxis sollen oflafen, dës Virschléi mussen a solle vum Secteur kommen. De Secteur muss déi selwer definéieren a soen, wéi se sollen oflafen. Dat gëllt souwuel fir d'Landwirtschaft, wéi och fir de Wäibau a fir de Gaardebau.

D'Bestriewe fir den Niveau vun der Liewensmëttelsécherheet an engem héchst méigleche Mooss ze garantéieren, muss selbstverständlech och weidergefouert ginn; dat ass de Mëtte jo och schonn hei gesot ginn.

D'Inspection vétérinaire muss weiderhin, och am informatesche Beräich, mat zousätzleche Mëttel ënnerstëtzt ginn, fir hiren Aufgabe gerecht ze ginn. Hei sinn an der Vergaangenheet vun deenen zwee Ministère ganz vill Ustrengunge gemaach ginn, mä et bleift awer nach du pain sur la planche.

Den Objektif vun der Regierung ass, d'Schafe vun engem agréémierte Laboratoire. Dësen Objektif muss weiderhi resolut verfollegt ginn a virun allem schnellstméiglechst ëmgesat ginn.

Ech kënnt mer, Här President, den Zodi hei am Land virstellen am Fall, wou déi nächst d'Liewensmëttelkris de Secteur géif heemsichen. Ee Scénario, dee kee sech heibanne wënscht an deen och kee sech wëllt virstellen, mä ee Scénario, deen trotzdeem ëmmer am Beräich vum Méigleche bleift. Fir esou e Fall wier et scho besser, wa mer da mat engem performante Labo ausgerüst wieren. Och wann net all Analysen zu Lëtzebuerg kënne gemaach ginn, esou musse mer eis dach awer d'Moyene ginn, fir e groussen Deel vun dësen Analysen, déi méi oder wéineg alldeeglech sinn, kënnen zu Lëtzebuerg ze garantéieren.

Schlussendlech weisen ech Iech nach op e Problem hin, mat deem eis Baueren ëmmer méi konfrontéiert sinn. Dat ass d'Komplexitéit vum Bäihëllefesystem, deen duerch d'Reform vun der Politique agricole commune entstanen ass. Dëse System, mat all deenen administrative Contrainten, ass zäitopwendeg. Domat hunn d'Baueren ëmmer manner Zäit fir sech mat hirer eegentlecher Aarbecht, dat heescht mat der Produktioun vu landwirtschaftleche Produkter ze beschäftegen, an dat, Här President, ass keng glécklech Situatioun.

Dofir wënschen ech mer, dass d'Regierung d'Baueren an hiren administrativen Démarchen ënnerstëtzt. Dat gëllt iwwregens fir déi ganz Classe moyenne - ech mengen, se ass net nëmmen do fir d'Baueren -, esou wäit wéi dat machbar ass. Virstellbar wär d'Schafe vun engem spezialiséierte Service am Beräich vun de Bäihëllefen, esou e Service misst de Baueren hëllefen, dass se déi gebuede Méiglechkeeten och all auszeschöpfen, déi se iwwert dee Bäihëllefsystem kënne kréien.

Esou e System kënnt een zum Beispill bei der Chambre d'Agriculture usidelen. Ech weess awer och, datt et esou Hëllefe bei administrativen Aarbechte scho länger Zäit gëtt an déi de Fernand Boden och ënnerstëtzt, mä se kënnten oder se misste vläicht nach weider ausgebaut ginn.

Zousätzlech misst een d'Formatioun vun de Bauere verbesseren. Hei viséieren ech net nëmmen déi initial Formatioun, mä och d'Formation continue. Ech mengen, dass déi Formatioun sech net nëmmen op landwirtschaftlech Fächer bezéien däerf, mä si muss och Kompetenzen an der Betriebsféierung vermëttelen. Mä et geet net duer, dass se ugebuede gëtt - an dat ass een Appel un de Secteur - , déi Leit musse kënnen domat ëmgoen a se gebrauchen, déi Coursen och wëlle besichen, well soss huet dat kee Wäert, dass se ugebuede ginn.

Och sinn ech perséinlech der Meenungn, datt d'Aféierung vun engem Meeschterdiplom dem Secteur op kee Fall géing schueden, dorop brauch ech awer hei net länger anzegoen.

Ee Wuert nach zum Wäibau an de Wënzer. Et gëtt vun alle Säiten Efforte gemaach, fir d'Qualitéitsproduktioun ze erméiglechen. Dës Efforte betreffen och d'Promotioun vun de Lëtzebuerger Wäiner a Crémanten. Dofir ass d'Instauratioun vun der Commission des promotions des vins et crémants du Luxembourg op jidde Fall ze begréissen. Hei huet sech de gesamte Secteur zesummefonnt an en ass dofir ze félicitéieren. Éischt gemeinsam Succèse sinn och schonn ze verzeechnen. Mat Sécherheet wäerten der nach nokommen.

Dëse Comité wäert nei Strategien a puncto Marketing entwéckelen, an domat verbonnen och nei Konzepter op den Dësch leeën. Der Politik hir Aufgab besteet doran, dës nei Konzepter a Strategien legislativ a finanziell ze begleeden. Ech mengen, do huet dee Comité selbstverständlech déi voll Ënnerstëtzung vum Ackerbauminister Fernand Boden.

Dat gesot, Här President, soen ech Iech an all deene Kolleegen a Kolleeginnen, déi heibanne sinn, merci, dass se mer esou laang nogelauschtert hunn.

M. le Président.- Als nächste Rieder ass de Här Marco Schroell agedroen. Den Här Schroell huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech wëll nach eppes Klenges rektifizéieren, wat dem Här Clement vläicht net opgefall wor. Den Taux de modification complémentaire ass net vun 12 op 15 eropgaangen, mä en ass vun 12 op 10 erofgaangen.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Nee, Nee. Do leit Dir falsch, Här Henckes, dat ass net esou.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Et ass de Fall vum 1. Januar 2002 un. Liest den Avis vun der Chambre de Commerce, wann ech gelift, wann Dir liese kënnt.

Plusieurs voix.- Oh!

***(Interruptions)***

M. le Président.- Léif Kolleegen, et sollt ee méiglechst verhënneren, fir hei déplacéiert Bemierkungen ze maachen.

Här Schroell, Dir hutt d'Wuert.

M. Marco Schroell *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ...

***(Brouhaha général)***

Et ass elo u mir.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an engem kuerze Bäitrag wollt ech e puer Reflexiounen iwwert de Budget vun der Santé maachen. Den Niki Bettendorf, als President vun der Santéskommissioun, huet ganz zoutreffend déi wichtegst Punkte vun dësem Santésbudget ervirgestrach.

Hien huet betount, dass zënter 2000 de Gesondheetsbudget ëm praktesch 50% an d'Luucht gaangen ass. Dat mécht pro Joer an der Moyenne eng Steigerung vun iwwer 12%. Vill Geld gëtt investéiert a Servicer a Leeschtungen, déi direkt mam Patient ze doen hunn.

Ech denken un de Service de remplacement vun de Generalisten. Ech denken un de Projet vun der Commission de conciliation. Ech denken un de Projet vun engem Conseil national de la formation médicale continue an un de Centre de cancérologie virtuelle, ouni d'Reformen an der Psychiatrie an d'Prise en charge vun der Toxicomanie ze vergiessen.

Wat d'Modernisatioun vun der Spidolsinfrastruktur ugeet, ginn elo Neel mat Käpp gemaach, well dat neit Spidolsfinanzéierungsgesetz, wat jo elo um Instanzewee ass, wäert ufanks f'nächst Joer de Chamberplenum passéieren. Entspriechend de Stipulatioune vum leschte Plan hospitalier wäerten am Laf vum Joer 2003, dräi zousätzlech IRM-Installatiounen oder Magnetresonanzinstallatiounen a Betrib goen.

Grad esou wéi deen éischte Patscan. Eng aner modern bildgebend Technologie. An endlech wäert d'Land och ee Laboratoire de fécondation in vitro zur Verfügung kréien.

Här President, d'Medizin zu Lëtzebuerg gëtt vu gewësse Säite gären, loosse mer soen, als onzoulänglech duergestallt. Deem ass awer net esou, an ech wëll als Témoin déi Success-story vun engem Centre national de radiothérapie, dem Centre Baclesse, ervirruffen, deen zur vollsten Zefriddenheet vun de Patiente schafft an eng kuerzfristeg Vergréisserung vu senge Lokaler plangt.

Grad esou ass et mam Institut national de cardiochirurgie et de cardiologie interventionnelles, dem INCCI, dee fir 500 Operatioune gebaut ginn ass a Mëtt 2001 ugefaangen huet. Dëst Joer wäerte 500 Interventiounen, dovunner 430 Häerzoperatiounen, do virgeholl ginn. Och hei gëtt un enger Vergréisserung vun de Lokaler geplangt.

Ech ginn awer zou, datt eenzel Dokteren, Kliniken oder Spideeler punktuell am Kräizfeier vun der Kritik stinn, notamment wat d'Organisatioun vun hirem Service d'urgence ubelaangt. Vergiess ginn allerdéngs all déi Efforten déi lafend gemaach ginn, fir deenen ëmmer méi groussen Usprëch vun de Leit gerecht ze ginn. Dat Spidol zum Beispill, wat mir no steet, huet an deene leschte fënnef Joer d'Zuel vu senge Fulltime-Doktere vu 70 op 100 opgestockt. D'UCM accordéiert Joer fir Joer nei Posten an der Fleeg an am Paramédical. Natierlech ni genuch.

All dës Efforte musse finanziell ofgeséchert gi fir budgetär Engpäss bei de Krankekeesen ze évitéieren. Dat ass haut ëmsou méi aktuell virum Abroch vum Wirtschaftswuesstum. Et ass dofir kloer, datt d'Ausgabe vum Gesondheetsministère grad wéi déi vun de Krankekeese Grenze mussen hunn.

Dofir, Här President, sinn ech der Meenung, datt d'Prise en charge vum „utile et nécessaire", esou wéi et am Code des Assurances sociales virgesinn ass, ee wichtege Prinzip ass, wat de Remboursement vun de Prestatiounen an de Medikamenter ubelaangt. Mir mussen d'Nomenclature vun den Akten an d'Pharmacopée op wëssenschaftlech Kritäre setzen, wat de Remboursement ubelaangt. Dat ass d'UCM amgaang ze maachen. Si genéiert sech net, fir regelméisseg Leeschtungen ze éliminéiren, wéi zulescht de Remboursement vun den homeopathesche Produiten. Ech ka se dofir nëmme félicitéiren.

Par contre gëtt et aner wichteg Prestatiounen, déi am Intérêt vun de Bierger sinn an och unanime akzeptéiert ginn, jo souguer gefuerdert ginn, wou awer eng Prise en charge vun der Sécurité sociale feelt. Ech denken hei un d'Soins palliatifs an un d'Contraceptioun bei den Teenager.

Här President, den Accès zu de Soins palliatifs ass haut ee Recht fir all Persoun vu jiddfer Alter déi stierweskrank ass, sief dat duerch e Kriibs, eng degenerativ Nervekrankheet, Aids, eng Häerz- oder Niereninsuffizienz.

Wann ech franséisch Zifferen extrapoléieren, da bräichten all Joer 1.500 bis 2.000 Leit eng Hëllef um Enn vun hirem Liewen. Franséisch Enquêté weisen, datt 10% vun den hospitaliséierte Patiente vun de Soins palliatifs kéinte profitéieren. D'Spidolsgesetz vun 1998 erwähnt expressis verbis d'Recht op eng palliativ Fleeg. Mä ech soen näischt Neies, wann ech behaapten, datt d'Moyenen de Moment ongenügend sinn.

Um Niveau vun de Spideeler misst eng gewëssen Zuel vu Better fir d'Soins palliatifs zur Verfügung stoen. Dës Better missten ausserhalb vun der Zuel vun den Akutbetter gefouert ginn. Dat ass de Moment eenzeg an eleng am Escher Spidol de Fall. Bei der Personaldotatioun muss d'UCM deem aussergewéinlechen Nursing vun dëse Patiente Rechnung droen. Och gëtt et de Moment keng spezifesch Nomenclature fir den Dokter, dee spezialiséiert ass an de Soins palliatifs an an der Schmerzbehandlung. D'Spideeler a Frankräich an an der Belsch hunn ee spezifesche Budget, deen dem Soin palliatif am Spidol dédiéiert ass.

Mä mir sollen net nëmmen un d'Spideeler denken. Den Accompagnement en fin de vie soll och doheem méiglech ginn, wann d'Leit dat gären hätten. Dat ass leider de Moment kaum méiglech, well déi richteg Strukturen an de Finanzement net do sinn. D'Réseauen, déi sech ëm d'Soins à domicile këmmeren, géife gären hei asprangen, mä déi jetzeg Strukturen erlaben dat net. Den Interface mat de Spezialisten an de Spideeler ass net formaliséiert a leeft nëmmen am Kader vum Bénévolat. D'Fleegeversécherung ass net gëeegent fir d'Soins palliatifs ze iwwerhuelen, wéinst hirer laangwiereger Procédure d'évaluation an hirem Optrag, dee méi op eng chronesch Dépendance opgebaut ass, woubäi d'Soins palliatifs bekanntlecherweis e puer Deeg bis e puer Wochen daueren.

D'UCM op hirer Säit fiert mat Nomenclaturen, déi net fir de multidisziplinaresche Charakter vun de Soins palliatifs gëeegent sinn. Dofir gëtt villersäits e Forfait palliatif gefrot, sou wéi dat och a Frankräich an an der Belsch de Fall ass. Ech mengen, dat ass deen eenze-

ge Moyen, fir hei weider ze kommen. Mir musse weider kommen, well net jiddferee wëllt an d'Spidol stierwe goen oder an en Hospice. Well eng palliativ Behandlung doheem der Allgemengheet vill méi bëlleg ze stoe kënnt, wéi am Spidol an net zulescht well an der Debatt iwwert d'Euthanasie ëmmer erëm déi ongenügend Offer vum Soin palliatif ugeprangert gëtt.

Här President, mäi leschte Punkt bezitt sech op d'Contraceptioun bei den Teenager. Ech denken dobäi un d'Vermeide vu Schwangerschaften bei 15- a 16-jährege Meedercher. Hei geet et ëm eng Moossnam vun der Médecine préventive au même titre, wéi d'Preventioun vun der Méningite bei de Kanner a vun der Gripp bei den eelere Leit.

Ech brauch Iech net ze beschreiwen, wat eng ongewollte Schwangerschaft bei engem Jugendleche bedeit. Dat endegt gewéinlech mat enger Schwangerschaftsënnerbriechung, meeschtens am Ausland, dat heescht an der Belsch oder an Holland, wou de Planning familial öffentlech Zentren huet, déi alle Sécherheetskritären entspriechen. Niewebäi gesot, de Präis, deen do bezuelt gëtt, läit tëschent 200 a 400 Euro, inklusiv d'Behandlung duerch de Psycholog. Mir wëssen hei zu Lëtzebuerg net, wéivill Interruptions volontaires de grossesse stattfannen. De Planning familial enregistréiert pro Joer 150 bis 250 Demanden. Déi effektiv Zuel wäert e Mehrfacht dovunner sinn. Wéi vill der dobäi Teenager sinn, ass net bekannt, mä hir Zuel ass net negligeabel.

Ech wëll hei eng Lanz briechen, fir datt déi Jugendlech gratis zu der Pëll kommen. De Gesondheetsministère huet zënter dem Budget 2002 een Effort an dëser Richtung gemaach, andeem en dem Planning familial eng beträchtlech Enveloppe budgétaire zur Verfügung stellt, fir de Meedercher dëst Medikament ze délivréieren, wa si sech et net selwer leeschte kënnen. Ech proposéieren awer, datt am Kader vun der Médecine préventive de Ministère eng Konventioun mat der UCM ofschléisst, wou, ähnlech wéi dat bei der Prise en charge vun de Vaccinen de Fall ass, den Accès zur kontrazeptiver Pëll fir déi jonk Meedercher ënner 20 Joer gratis soll sinn. Ech mengen, dat wier kee Luxus, wann ech bedenken, datt zum Beispill a Frankräich souwuel d'Contraceptioun wéi och d'IVG vun de Krankekeesen iwwerholl ginn.

Här President, ech mengen, datt d'Prise en charge duerch d'Sécurité sociale vun de Soins palliatifs a vun der Contraceptioun bei de Jugendleche prioritär muss si par rapport zu deene vill méi aléatoire Leeschtungen am Beräich vun der Médecine parallèle. Ceci dit, géif ech gären nach eng Kéier ënnersträichen, datt trotz dem Konjunkturréckschlag dës CSV-DP-Regierung gewëllt ass, weiderhin eng Gesondheetspolitik op héijem Niveau ze ënnerstëtzen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Nicolas Strotz agedroen. Den Här Strotz huet Wuert.

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt e Merci un de Rapporteur vum Budget 2003, deen dëst Joer eng komplex Missioun hat, fir an dësen ongewëssene schwieregen Zäiten de Budget ze presentéieren an doriwwer eraus, eng méiglech komplett Bestandsopnam vun der Lëtzebuerger Wirtschaft opzezeechnen.

Et ass wouer, datt mir all méi oder wéineger iwwerrascht goufe vun den Zuelen, déi eis wirtschaftlech Situatioun an e vermeindlecht däischtert Liicht geréckelt hunn, Zuelen, déi eis zu enger gewëssener Vigilance opruffen, Zuelen, déi eis awer net däerfen zum Zécke verleeden.

De Premier Jean-Claude Juncker huet vun engem Sickerbrand geschwat, mä och e Sickerbrand ka geféierlech ginn, wann en net zur Zäit erkannt gëtt.

***(Interruption)***

D'Rauchmelder sinn nach just zur Zäit ugesprongen, fir Alarm ze schloen. Et gëllt also elo wachsam sinn an net a Panik verfalen, well dozou besteet keen Ulass. Och wann de Brand nach net geläscht ass, ass et e kontrolléierte Brand, dee permanent am A gehale muss ginn.

Une voix.- Pompjee!

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Sauvetage!

Une autre voix.- Här Strotz, erkläert mer dat emol vun deem Sickerbrand do.

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Dëst bezitt sech virun allem op déi öffentlech Investitiounen, wou d'Regierung an deene leschte Joren op de Wee gaangen ass, fir déi öffentlech Fongen op eng zolidd Basis ze stellen, fir kënnen ambitiéis an zukunftsweisend Projeten an d'Weeër ze leeden. Dës sinn amgaang mat aller Konsequenz ëmgesat ze ginn. De Rapport vun der Finanzkommissioun schwätzt richtegerweis vun enger realer Noutwennegkeet an net vun engem Luxus, dee sech eist Land vun Zäit zu Zäit gënnt. Vun dësem Wee ass d'Regierung net ofgaangen, am Géigendeel.

Den Investitiounsprogramm fir d'Joer 2003 läit net nëmmen an der Kontinuitéit vun de leschte Joren, mä geet nach substantiell erop a läit ëm 31% méi héich wéi d'lescht Joer. Dëst ënnersträicht de Wëlle vun der Regierung, fir den Erausfuerderungen, déi an den nächste Joren op eis duerkommen, gerecht ze ginn. Ech wéilt a menger Interventioun e puer generell Remarken iwwert d'Investitiounspolitik maachen, ier ech herno op d'Dispositiounen am Budget fir déi öffentlech Bauten zréckkommen.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et wier en negatiivt Signal fir eis Wirtschaft, wa mir a méi schwierege konjunkturellen Zäite vun eisen Investitiounen a grousse Projete géifen ofréckelen. Dëst géing virun allem de Bausecteur an d'Handwierk treffen. Verschidde Beruffschamberen hunn dofir d'Orientatioun vun der Regierung gelueft an ervirgestrach, datt déi antizyklesch Ausriichtung vun den Investitioune sech positiv op ons Wirtschaft auswierkt. D'Chambre de Travail wéi d'Chambre des Métiers bemierken, datt domat d'Demande intérieure alimentéiert gëtt an d'Aarbechtsplazen, virun allem am Bausecteur, erhale ginn.

Mir schwätze vun engem gesamte Budget y compris de Spezialfonge vu ronn 760.000.000 Euro, e Montant, deen an der Haaptsaach de Lëtzebuerger Betriber zegutt kënnt. D'Investitiounsfonge konnten, laut den Zuelen aus dem amendéierte Budget fir 2003, mat 448,6 Milliounen Euro alimentéiert ginn. Eng Alimentatioun, déi et also der Regierung erlaabt, d'Investitioune konsequent fir de Moment weiderzefëieren. Op wat ass dëst zréckzefëieren? Et besteet keen Zweifel doriwwer, datt eis Investitiounsfongen exzellent alimentéiert sinn, an datt sech dem Stat seng Reserven op engem héijen Niveau befannen. De Spillraum, fir en Emprunt opzehuelen, bleift nach ëmmer garantéiert. Et ass dëst de Mérite vun dëser an de viregte Regierungen, déi an de leschte Joren eng virausschauend Politik bedriwwen hunn.

Nach ass de Bam gesond - wollt ech dem Här Krecké soen - op deem en Apel fir den Duuscht wisst, esou wéi de Premier et bildlech duergestallt huet, a vun deem mir elo ziere kënnen, ouni déi grondsätzlech Orientéierunge vun eisen Investitioune kuerzfristeg a Fro ze stellen. Et ass keng Zickzack-Budgetspolitik bedriwwe ginn, keng Navigation à vue. D'Regierung steet net plakeg do, wéi d'LSAP-Oppositioun et ze plakatéiere fleegt, déi op falsifikativen Donnéeën a spekulative Momentopname fousst a vergësst, datt se nach virun dräi Joer an der Regierung war an dës Politik mat gedroen huet.

Dëse Budget ass villméi d'Resultat vun enger virauskuckender Politik, déi och an dësen Zäiten elo net vum Kurs ofkënnt. Trotzdeem musse mir, wat eis Finanzsituatioun ugeet - an ech hunn et uganks vu menger Interventioun scho gesot - eng gewësse Vigilance un den Dag leeën, fir net an en Enkpass ze geroden. Dëst betrëfft virun allem d'Investitiounsfongen, déi, wa mir d'Bemierkung aus dem Budgetsrapport fir den Exercice 2002 vum honorable Claude Wiseler nach eng Kéier a Betracht zéien, am Joer 2005 defizitär wäerte sinn, wann d'Ausgaben effektiv getätegt ginn a wa keng zousätzlech Opstockung duerch Plus-valuen erfollegt. Et gëtt des Weideren a Fro gestallt, ob déi aktuell Reserven duerginn, fir déi geplangten Infrastrukturen ëmzesetzen.

Bei enger eventueller Fortdauer vun der konjunktureller Schwächt vun eiser Wirtschaft, erlaben d'Reserven nëmmen e Spillraum vun zwee bis dräi Joer. De Budgetsminister Luc Frieden huet et leschten Donneschdeg ënnerstrach, datt mir bei weideren neien Dépensë musse méi lues trëppelen. Déi Bauprojeten, déi um Lafe sinn, gi fäerdeg gestallt. Mat deenen Zommen, déi elo an den Investitiounsfonge sinn, kann ee vill maachen, virun allem déi Projete realiséieren, déi momentan virgesi sinn. Beduecht muss awer ginn, datt mir, gesamt gesinn, net méi ausgi kënnen, wéi mir erakréien, dat heescht, deemno wéi d'Situatioun évoluéiert, mir eis der Decken no strecke mussen.

Dir Dammen an Dir Hären, wa mir den Aussoe vum Statec Glawe schenken, da kéint d'Konjunktur fir d'Joer 2003 bei 2%, fir 2004 a fir 2005 bei 3% leien.

***(Interruption)***

Deemno muss sech dësen däischtere Szenario net stellen. Trotzdeem - an do stëmmen ech dem Emile Calmes zou - wësse mir net op den Niveau vun den Dotatioune vun de Fonge kann erhale bleiwen, wa sech d'Konjunktur, entgéint den Estimatioune vum Statec, net erhëlt. Zwou Méiglechkeeten doe sech op, fir eis Investitiounen trotzdeem kënne fortzeféieren, ouni datt mir op en Emprunt zréckgräifen.

Zum enge besteet d'Méiglechkeet, fir d'Prioritéite vun zukünftegen Investitiounsprojete festzeleeën. Zum anere besteet d'Méiglechkeet, fir de Programme pluriannuel op weider Joren auszedehnen. Gläichwuel wat fir eng Léisung mir an d'A faassen, bemierkt de Rapporteur zu Recht, datt et falsch wier bei deenen Investitiounen ze spueren, déi d'Compétitivitéit vun eisem Land a senge Bierger ausmaachen. Dëst bezitt sech un éischter Stell op déi Investitiounen am schoulesche Beräich, wou mir an den nächste Joren eng ganz Rei nei Lycéeë musse bauen. Mir waarden an dësem Kontext gespaant op d'Konklusiounen aus dem Plan sectoriel „lycées", dee Mëtt November am Ministerrot diskutéiert gouf. Den Här Rippinger huet de Bau vun e puer Schoulen opgezielt. Hie sëtzt méi no bei der Ministesch. Et wier gutt, wa mir de Plan sectoriel och virgestallt kriten.

Zum anere bezitt sech dat op déi Infrastrukturen am Beräich vum Schinnennetz, vum Verkéier a vum öffentlechen Transport. Et si grad dës Beräicher, déi an de kommende Jore Prioritéit mussen hunn. D'Konklusiounen dann aus dem Plan sectoriel „lycées", der Strategie „mobilitéit.lu" an dem integréierte Verkéiers- a Landesentwécklungsplang mussen all konsequent ëmgesat ginn. Et sinn d'Efforten an dëse Secteuren, déi der Compétitivitéit an der Zukunftsfäegkeet vun eisem Land zoudréiglech sinn.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wéilt vu menger Zäit profitéieren, fir op de Budget vum Bauteministère en tant que tel zréckzekommen, dee sech, wéi ech aganks schonn erwähnt hunn, an der Kontinuitéit vun de leschte Joren weider beweegt. Als éischte Punkt wëll ech ervirhiewen, datt de Fonds des routes am rektifizéierte Budget mat 70.000.000 amendéiert gëtt. Eng Zomm, déi et der Regierung erlaabt, déi Projete virun ze dreiwen, déi am Stroossebau prioritär sinn. Et si virun allem Projete wéi d'Fäerdegstellung vun der Saarautobunn, vun der Nordstrooss an den Ausbau vum CITA, déi ech als alleréischt viséiert hunn. An dësem Kontext hoffen ech, datt d'Regierung deemnächst e Gesetzesprojet iwwert den Ausbau an d'Gestioun vum CITA op den Instanzewee schéckt.

***(Interruptions diverses)***

Une voix.- Dee CITA ass déi gréisste Verschwendung, déi jeemools hei am Land gemaach ginn ass.

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- D'Saarstrooss wäert am Laf vum nächste Joer opgoen. Ze begréissen ass, datt de Bypass zu Helleng realiséiert gëtt, fir esou d'Awunner vun Helleng vum Duerchgangsverkéier ze verschounen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Bedauere muss ech, datt säitens de Grénge versicht ginn ass, déi Aarbechten hinzehalen, respektiv ze verhënneren.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Dir triet fir Illegalitéiten an.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Dës Remarque - an hei wëll ech eng Paranthèse opmaachen - soll awer net dozou féieren, fir ze mengen, Ëmweltprozeduren an Oploen sollen net respektéiert ginn.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Als President vun der Travaux-publics-Kommissioun hunn ech schonn e puermol gefrot, wéini datt endlech d'Direktiv 97/11 iwwert d'Evaluation des incidences de certains projets publics et privés sur l'environnement ëmgesat gëtt. Ech hoffen, datt mir geschwënn dee Projet de loi virleien hunn. D'Prozeduren an d'Oploen am Ëmweltberäich mussen och a méi schwieregen Zäiten agehale ginn. Dat ass een Aspekt vun engem Projet. En aneren Aspekt awer, an dat ass deen éischten a wichtegsten, ass den eigentleche Projet plangen an entwerfen.

Den Entworf muss, besonnesch am Stroossebau, no festgeluechtenen techneschen Norme geplangt ginn, déi agehale gi mussen, wa mir sécher Stroosse wëlle bauen. An da steet et enger Environnementsverwaltung net zou, fir arbiträr Kritären a Beräicher, zum Beispill, wéi breet, datt d'Stroossen nach duerfe gebaut ginn, virzeschreiwen, déi se am Prinzip näischt uginn.

***(Interruption)***

Technesch arbiträr Kritäre virschreiwen, dëst läit net an hirer Kompetenz an hei muss et zu engem Ëmdenke kommen. Eenzel Projete ginn duerch Hickhack onendlech laang verschleeft an dat op Käschte vum Steierzueler. Dat kënne mir eis net méi leeschten. Dobäi mussen déi administrativ Prozedure vereinfacht ginn, fir méi schnell kënnen ze bauen an domat Geld ze spueren.

Wat fir de Stroossebau zielt, gëllt och fir aner Beräicher, wéi zum Beispill de Remembrement, an domat déi Parenthèse zou.

Ech begréissen, dass all concernéiert Ministèren am Kader vum IVL, dee vun der Bauteministesch quasi initiéiert ginn ass, elo ënnert der Leedung vum Aménagement du territoire zesummeschaffen, fir en nohaltegt Gesamtverkéierskonzept ze schafen. De Statsrot huet a sengem Avis dës Approche ënnerstëtzt. Hie mierkt awer un, dass d'Kreditter fir d'Etüden, déi fir den IVL veruschlaagt sinn, mussen hir Friichten droen. De Ministère vun den öffentleche Bauten huet préciséiert, dass zum géigewäertegen Zäitpunkt all Projet de voirie enger Etüd ënnerzu gëtt, dëst an der Optik vum IVL.

Et däerf awer elo net sinn, dass et zu enger Verzettelung vun den eenzelne Projete kënnt. D'Tangente ouest muss, menger Meenung, no gebaut ginn. De Bau vun enger drëtter Spuer op dem Contournement vun der Stad Lëtzebuerg an der Autobunn no Frankräich hänkt enk zesumme mat enger neier Verbindung aus der Belsch via d'Collectrice du Sud. Mécht een dat, oder mécht een et net?

***(Interruption)***

Dat muss elo kuerzfristeg décidéiert ginn. Hei mussen Décisioune geholl ginn. Noutwenneg Projete stinn also am Raum, déi et gëllt kuerzfristeg ze bauen, wa mir net e Verkéierskollaps erliewe wëllen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Deen ass scho laang do.

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Dozou kann een eng ganz Rei vu Contournementer zielen: Bous a Sandweiler sinn endlech amgaang gebaut ze ginn, Jonglënster, Iechternach an anerer waarden awer scho vill ze laang op hir Ausféierung.

***(Interruption)***

Zu der ganzer Verkéierspolitik gehéiert den Ausbau vum öffentlechen Transport op der Schinn a mam Bus. Mat Ausnahm vu prinzipiellen Deklaratiounen, souwuel iwwert d'Ubannung vum Kierchberg via Findel, wéi och d'Förderung vum öffentlechen Transport an der neier Cité des sciences, déi an den Industriebroochen entstoe soll, ass awer nach net vill geschitt.

Ech wollt hei d'Fro stellen: Missten déi zwee Zentren net enk an net zesummenhängend an e Verkéierskonzept agebonne ginn? Ech menge jo. Des Weidere sinn ech der Meenung, dass de Projet vum Ingénieur Schummer, dee virgesäit eng Zuchverbindung ënnert der Stad erduerch ze bauen, Projet, deen an eenzelnen Zeitunge virgestallt ginn ass, zumindest derwäert ass, enger seriöser Analys ënnerzunn ze ginn, ier ee sech op definitiv Léisunge ronderëm d'Stad festleet.

Une voix.- E besteet awer schonn zéng Joer.

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Hei wär et interessant ze wëssen, wéi deen zoustännege Ministère sech dozou stellt. Déi Verantwortlech vu „mobilitéit.lu“ an IVL si gefuerdert, fir am Rumm vum gesamten Themekonzept no gangbaren, zukunftsorientéierten an nohaltege Léisungen ze sichen, déi dann an engem laangfristege Programm ze realiséiere sinn. Dass dëst net einfach ass, däers sinn ech mir bewosst. Et däerf awer net sinn, dass Projeten, déi elo scho sprochräif sinn op d'laang Bänk geschobe ginn.

De Problem „Bauschuttdeponien“ wëll ech net uschwätzen. En ass iwwerfälleg an ass de Beweis vun eiser heiansdo klengkaréierter Politik, an dat vu Säite vun alle Parteien an ONGen, déi oft mat vill lokalem a kommunalem Koloritt héichgepäppelt gëtt. Mir sollen eis schummen, dass dee Problem nach net geléist ass.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Dir braucht jo nëmmen eng zu Rëmerschen ze akzeptéieren.

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Do hu mer eng.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Dat do ass awer gutt! Déi ganz Regierung soll sech zesumme schummen.

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Dir hëlleft mat d'Problematik héichpäppelen, hunn ech gesot.

Une voix.- Firwat hu mir dann d'Regierung?

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- D'Commission des Travaux public huet sech doriwwer eraus mat der Energieproblematik an den öffentleche Gebaier ofginn. An dësem Kontext huet d'Bautekommissioun virgeschloen, dass sech all d'öffentlech Gebaier engem Audit énergétique ënnerzéie mussen. Am Energiespuere läit nach e grousst Potenzial, wat genotzt gi muss.

Wat d'Uwendung vun den alternativen Energien an de Bau vu Wärmekraftkoppelungsanlagen ugeet, konnte mir eis vergewësseren, dass bei all nei Gebai Studien erstallt ginn iwwert d'Faisabilitéit vun esou Anlagen. Mir hu mat Erstaune festgestallt bei wéi vill Projeten déi nei Technike schonns zum Droe kommen. Ze bemierken ass, dass am Budget 2003 en neie Kredit vun 250.000 Euro virgesinn ass, fir Etüden am Beräich vun $CO_2$-Reduktioune bei de Statsgebaier ze erstellen.

Wat d'Administratioun vun de Ponts et Chaussée ubelaangt, esou ass festzestellen, dass d'Kreditter vun den Dépenses courantes liicht an d'Luucht gaange sinn, wat normal ass, well den Entretien vun de Stroossen, bedéngt duerch d'Zouhuele vum Verkéier an duerch d'Schied vu Verkéiersaccidenter, ëmmer méi grouss ginn. Des Weidere sinn d'Kreditter fir den Inventaire vun de Stroosseninfrastrukturen a fir de Recensement vum Strooseverkéier substanziell erhéicht ginn. Et ass grad am Kader vum IVL besonnesch wichteg, dass fiabel Donnéeën zur Verfügung stinn.

Duerch Regierungsamendementer ginn d'Kreditter vun den Dépenses en capital par rapport zum leschte Joer vun 348 Milliounen Euro op 304 Milliounen Euro erof. Dëst ass doduerch ze erklären, dass d'Alimentatioun vun de Fongen erofgesat ginn ass: De Fonds des routes ëm 20 Milliounen, de Fonds d'investissements publics administratifs ëm 30 Milliounen an de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux ëm 10 Milliounen. Dëst aus der Iwwerleeung eraus, dass d'Reserven an deene Fongen awer nach héich genuch sinn, fir déi néideg Projeten ze realiséieren. Ze bemierken ass, dass am Kader vum Ausbau vum öffentlechen Transport en neie Kredit virgesinn ass vun 2 Milliounen Euro, fir Busspuren ze bauen.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, déi budgetär Erhéijunge vun den Dépenses courantes a vun den Dépenses en capital fir d'Administration des Bâtiments publics berouen zu engem groussen Deel op enger ëmmer méi grousser Zuel vu Gebaier, déi ze ënnerhale sinn an op de steigenden Ënnerhaltskäschte vun de Gebaier, déi sech deels an engem desolaten Zoustand befannen. E Mëssstand, dee schonn de Rapporteur ugeprangert huet. Dat ass e manifeste Problem, deen den Investitiounsvolumen an deenen nächste Joer ëmmer méi héich klamme wäert loossen. Aus dëser Ursaach eraus musse mir nei Weeër goen, déi op en nohaltegt Bauen, op e gedrosselten Energieverbrauch a manner Ënnerhalts- an Instandssetzungskäschten ausgeriicht sinn.

An dësem Sënn, denken ech, dass den Audit vun eisen öffentlechen Infrastrukturen net nëmmen iwwert de Beräich Energie, mä och wat dee baulechen a funktionellen Zoustand ugeet, eng vital Noutwennegkeet, e wichtege Schrëtt duerstellt, fir d'Käschten ze evaluéieren an an enger zweeter Phas, duerch eng geziilt Iwwerwaachung ze drosselen.

Den Här Emile Calmes huet eis a sengem Rapport d'Rechnung gemaach. Ech wëll doriwwer net méi referéieren. Ech wéilt just d'Iddi vun engem Fonds fir den Entretien vun den öffentleche Gebaier, dee vum Ministère des Travaux publics proposéiert ginn ass, als eng positiv Démarche begréissen, déi op Nohaltegkeet ausgeriicht ass, an déi mir als CSV-Fraktioun begréissen. D'Ausgabe vun esou engem Fong mussen natierlech, wéi ech gesot hunn, duerch eng fondéiert Bestandsopnam gestäipt ginn.

Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, ech kommen zum Schluss a wëll nach eng Kéier ënnermaueren, dass d'Richtung vun der Regierung bei den Investitiounen déi richteg ass, dëst aus de Grënn, déi ech versicht hunn ze beleeën. Wann dës Regierung eng Investitiounspolitik bedreift, déi sech zum Zil hëlt, dem Land grad a konjunkturell schwieregen Zäite performant Infrastrukturen ze ginn, dann ass dat déi richteg Reaktioun fir esou Zäiten, an deenen et gëllt eist Land fit ze maachen a virzebereeden op déi Erausfuerderungen, déi nach kommen, an den negativen Effekter vum ablécklech konjunkturelle Creux entgéint ze wierken. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, wéi gëschter de finanzpolitesche Spriecher vun der CSV, den honorablen Här Lucien Weiler, hei gesot huet et géing dämpe mä et géing net brennen, do hunn ech mech gefrot, ob hien dat aalt Lëtzebuerger Spréchwuert, wat seet: „Wou et dämpt, do ass Feier“, net géif kennen. Ech hu mir, wéi ech hien duerno héieren hunn, d'Fro gestallt, ob seng Siicht éirewéi duerch dee villen Damp, dee schonn do ronderëm ass, agetrübt wär.

Ech ginn him awer an engem Punkt Recht, dat ass, dass d'Situatioun zu dësem Moment nach net dramatesch ass. Mir hunn, dat muss een unerkennen, Reserven. Wuerfir déi do sinn, do ginn d'Meenunge vläicht e bëssen auserneen. Ech sinn éier der Meenung, wann d'Ochsen net hei am Land während Joren um Späicher gekalleft hätten, a souguer d'Majoritéit ëmmer iwwerrascht war, wéi vill u Plus-valuen ugefall ass, a se am Fong geholl keen anert Mëttel hat, wéi se an d'Reserven ze drécken, dann hätte mir déi Reserven haut ganz sécher net, mä dat ass eng Diskussioun, déi féiert zu net ganz vill.

D'Haaptsaach ass, mir hunn en Apel fir den Duuscht, an déi Recetten, déi elo erakommen - dat muss een awer och virun An hunn - si Recetten, déi kommen aus Joren, wou mir en héije Wuesstum haten. Et ass dofir awer och grad esou sécher, dass dat net dauerhaft ass, an dass mir virun allem 2004 an 2005 eréischt richteg Problemer kréien, souguer, wann dann d'Konjunktur erëm géif unzéien, wat ech awer woen ze bezweifelen. An dat beim Stat a bei de Gemengen.

Mäi Fraktiounskolleeg Gast Gibéryen huet et gëschter nogewisen, an et huet keen him et falsch gemaach, wéi schlëmm d'Situatioun ass, déi op eis Gemengen zoukënnt, a wéi schlëmm d'Auswierkungen op eis Ekonomie wäerte sinn. D'Fro, déi sech stellt: Ass dësen Abroch - an dat ass jo déi, déi grouss diskutéiert gëtt - nëmmen eng konjunkturell Erscheinung oder ass et dach awer méi eng déifgräifend Ännerung, déi sech hei vollzitt? Ech mengen, et wär ze fäerten, datt et net nëmmen eng konjunkturell a vorübergehend Erscheinung wär. Et hänkt natierlech entscheedend vun en etleche Froen of.

Déi éischt Fro - an déi gëtt an deenen nächsten Deeg op héchstem Niveau diskutéiert - ass déi: Kënnen d'Atoute vun der Lëtzebuerger Bankeplaz dauerhaft verteidegt ginn? Ech woen et, iwwer laang Zäit gekuckt, ze bezweifelen.

Déi zweet Fro: Bleift de Benzinstourismus, deen och net onwesentlech zu eiser gudder finanzieller Situatioun bäigedroen huet, dauerhaft bestoen? A wann ech soen dauerhaft, da kucken ech et wierklech laangfristeg. Ech hu meng ganz schwéier Bedenken, datt dat esou ass.

An drëttens, an dat ass schonn e bësse méi mëttelfristeg gekuckt: Behält d'öffentlech Hand dauerhaft genügend Finanzkraaft, fir d'Investitiounen och dauerhaft op deem héijen Niveau vun deene leschte Joren ze halen? Ech woen och dat ze bezweifelen.

Mä doriwwer eraus spillt nach eppes mat. Mir wëssen, datt bei eisen Nopeschlänner - wat eis Haapthandelspartner sinn - eng katastrophal Situatioun besteet, datt se grouss Problemer hunn, fir den 3%-Kritär vum öffentlechen Defizit ze respektéieren. Besonnesch, wa mer bei eisen däitschen Nopere kucken, wat eisen éischten Handelspartner ass, sinn de Stat a virun allem d'Gemengen finanziell bal um Enn, esou datt se praktesch näischt méi investéiere kënnen. A mir wëssen, wat fir eng Auswierkungen datt dat op d'Ekonomie huet.

Här President, bis elo huet nëmmen een et fäerdeg bruecht, dat war de Baron vu Münchhausen, fir sech, un den eegenen Hoer, aus der Supp erauszezéien; an dat ass och bis elo wëssenschaftlech nach net bewisen.

Et wäert eisen Noperen wahrscheinlech net vill besser goen, an dofir ass och bei hinne mëttelfristeg net mat enger signifikanter Erhuelung ze rechnen.

Fir eis Ekonomie sinn dat keng gutt Aussiichten. Et gëtt zwar gesot, mir investéiere virun, d'Investitiounsprogrammer gi weider duerchgezunn, mä elo schonn huet de Budgetsminister an der Finanzkommissioun gesot, et géing probéiert ginn, d'Investitiounen ze strecken. Wann d'Investitioune gestreckt ginn, dann heescht dat, datt pro Joer manner investéiert gëtt. Mir wëssen och datt d'Projeten, déi geplangt waren, ausgesat ginn.

Mä bei de Gemengen - hunn ech scho gesot - do sinn iwwerhaapt keng Reserven do, dat heescht déi missten direkt léine goen, an et ass och bekannt, datt elo schonn eng ganz Partie Projete viraussiichtlech op Äis geluegt ginn.

Wann net oder manner öffentlech investéiert gëtt, dann ass et ganz sécher, datt de Privatsecteur dat net kann opfänken. An d'Konsequenzen dovu sinn e Réckgang virun allem an der Bauwirtschaft a beim Handel an doraus ergëtt sech, datt de Chômage an d'Laaschten aus dem Chômage fir de Budget klammen. A schonns si mer an deem Däiwelskrees dran an deen eis däitsch Noperen - wat an der Zäit d'Champione vum Wirtschaftswunder waren - eragerëtscht sinn an och net méi erauskommen. Wann ee weess, datt se iwwer 30% vun hirem Statsbudget mussen opbrénge fir de Scholdendéngscht.

Sou wäit, Här President, si mer Gott sei Dank nach net. Mä mer sinn um gudde Wee dohin, dofir heescht et zur Zäit reagéieren a konsequent reagéieren. Gouverner, esou ass mol ëmmer gesot ginn, c'est prévoir. Ech géif gären hannnendrun hänken, mais pas seulement jusqu'à la prochaine échéance électorale. Et ass dat, wat d'Regierung elo amgaang ass ze maachen.

Den Här Weiler huet sech gëschter no alle Säiten adresséiert, a gefrot: Wou solle mer da spueren? D'Oppositioun soll hinne Propositioune maachen. Et huet ee sech gefrot, ob et der Majoritéit un Imaginatioun géif feelen, datt si sech esou flehentlech un d'Oppositioun gewand huet, fir Propositiounen ze kréien.

Wann een de Budget graff kuckt, dann hu mer op där enger Säit d'Konsumausgaben an op där anerer Säit d'Investitiounen, d'öffentlech Investitioune wuel verstanen. An d'Investitioune sinn op jidder Fall gutt fir d'Ekonomie, a wa se gutt si fir d'Ekonomie, da sinn se och gutt fir den Aarbechtsmaart, a wann den Aarbechtsmaart dréint, da kommen och Steieren eran.

Investitioune sinn awer och wichteg fir d'Préparatioun vun der Zukunft. Ech denke virun allem un d'Schoulen, u Wirtschaftsinfrastrukturen, un d'Fuerschung an esou weider. Ganz anescht ass et mat de Konsumausgaben, si sinn zwar noutwendeg, mä si hu vill manner Impakt op d'Ekonomie. Dee wichtegste Poste bei de Konsumausgabe sinn d'Käschte vum Statsapparat, an dobäi d'Personalkäschten. Déi Chifferen, dat hu mer gëschter erlieft, si jo net prezis ze kréien, jiddefalls waren se net fir dësen Débat ze kréien; an dat seet scho ganz vill.

Här President, ech wëll an deem Punkt ganz däitlech schwätzen. D'Gehälter vun der Fonction publique hei zu Lëtzebuerg gehéieren zu deenen héchsten op der Welt. Si sinn, wann een et op gläichem Niveau vergläicht, onvergläichlech méi héich, wéi an eisen Nopeschlänner a si wäerten duerch den Accord salarial nach weider klammen, dat heescht den Ofstand wäert nach méi grouss ginn.

Wann een d'Fro un eis riicht: Wou spueren? Bei den Investitiounen oder dem Konsum? Well wann d'Recetten zréckginn muss een noutwendegerweis iergendswou spueren, do hunn ech gemengt, hei eng Unanimitéit erauszehéieren, datt dat net sollt si bei den Investitiounen. Dat wär och falsch, well d'Ekonomie géif ofgebremst ginn, a wéi gesot, da wäre mer am Däiwelskrees dran.

Mäi Fraktiounskolleeg, Gast Gibéryen, huet gëschter gesot, de Stat soll sech seriös iwwerleeën, wéi hien d'Personalausgaben am Gréff kënnt halen. Et ass Rieds gaange vun der Réforme administrative, fir méi Ekonomissitéit, méi Effikassitéit, méi Effizienz an de Statsbetrib eranzebréngen.

Wa mer kucke, wéi de Lëtzebuerger Stat informatiséiert ass, hu mer eis op Grond vun enger internationaler Etüd misse beléiere loossen, datt mer och do um Wupp leien. Hei gëtt scho laang dervu geschwat, fir beim Stat eng Reform anzeféieren déi d'Leeschtung belount, der Fiffiswirtschaft en Enn mécht an d'Eegeverantwortung an d'Eegendynamik beim öffentleche Personal géif förderen.

Här President, mir stelle fest, datt all Joer op een Neits driwwer geschwat gëtt an datt näischt geschitt. Ech erënneren drun, datt de Statsminister scho viru ville Joren drop higewisen huet. Hien huet e Beispill ginn, datt hien a sengem Ministère ee Beamten hätt, dee sech géif standhaft weigeren och nëmmen ee Streech ze schaffen - ech zitéieren e wuertwiertlech - an e kënnt soss näischt maachen, wéi en dräimol am Dag rosen ze bekucken. Hien huet vun dëser Plaz aus gesot, hie kënnt net emol ee vum éischten op den zweete Stack versetzen, ouni datt him géif de Prozess gemaach ginn an an der Regel géif hien dee Prozess verléieren.

Wann dat d'Zoustänn hei am Stat sinn, a wann de Statsminister dat seet, da muss et jo bal wouer sinn, an et ass bis elo nach ëmmer näischt geschitt, da brauch ee sech net ze wonneren, wann et hei am Stat esou geet, wéi et ebe geet. Mä trotzdeem, et steet erëm eng Gehälteropbesserung vun 1,6% virun der Dier, an d'Joer duerno soll jo nach eng kommen.

Et kann een iwwert d'Opportunitéit vun där Mesure diskutéieren. Ech gi mol dovun aus, Här President, datt d'Chamber, wéi se dee Vote geholl huet, dee Vote op Basis vu falschen Donnéeë geholl huet. Ech behaapten, datt d'Chamber ugeschmiert ginn ass, an datt den Accord salarial op enger falscher Basis ausgehandelt an accordéiert ginn ass. An ech soen och - wou gëschter Rieds driwwer war -, wa schonn eng Klausel festgehale ginn ass, fir nozeverhandelen, wann et géif besser goen, da misst logescherweis och eng Klausel drastoen, datt wann et méi schlecht geet, datt een och an där anerer Richtung misst kënnen noverhandelen.

Här President, et ass der Fonction publique guer näischt gedéngt, wann hir Gehälter an dëser Situatioun, wou mer net wëssen, wéi et weider geet a wou mer an zwee, dräi oder véier Joer stinn, nach weider ugehuewe ginn a gläichzäiteg d'Investitioune mussen zréckgefuer ginn. Dat heescht den Aascht ofseeën op deem ee selwer sëtzt. Et ass schonn enorm vill, wann den aktuellen, extrem héijen Niveau an Zukunft ka gehale ginn. Dofir ass et - dat ass meng privat Meenung - absolut noutwendeg, fir déi zwou nächst Echéancë vun där 1,6% Gehältererhéijung net ze applizéieren; domat kritt jo och nach keen eppes geholl.

Mä mir wëssen, datt d'Regierung dozou net bereet ass. Den Här Juncker sot, an dat kënne mer am Lëtzebuerger Wort vum 7. Oktober 2002 noliesen: „Auf eine entsprechende Journalistenfrage antwortete Jean-Claude Juncker, dass zu den Konsumausgaben im Staatsbudget auch die Gehälter des öffentlichen Dienstes zählen und es folgte die Anmerkung, dass für den hypothetischen Fall, wo Streichungen im Investitiounsbudget vorgenommen werden müssen, um die Gehälter der Staatsbeamten anzuheben, er dies nicht ohne Selbstkritik tun würde“.

Här President, dee Fall ass elo agetratt. A mir waarden elo ge-

spaant op deen historesche Moment, wou den Här Statsminister sech selwer an aller Öffentlechkeet fir dës haushaltspolitesch Doudsënn ukloe wäert. Ech wëll drunhänken, datt mir vun engem Statsmann enttäuscht sinn, dee sech europawäit wéinst senger finanzpolitescher Kompetenz feiere léisst. Et hätt ee sech vun him eppes aneschters erwaart.

Dat heiten ass eng Politik après nous le déluge, mä et gëtt nach eng aner Ursaach. De Stat kann net méi verdeelen, wéi Räichtum erschafe gëtt. Wann hien dat mécht, da mécht hien eng schlecht Haushaltspolitik. De Räichtum gëtt awer net beim Stat an an de Gemengen erschaaft mä an der Wirtschaft. D'Wirtschaft, dat si bei eis d'Banken, d'Servicer, d'Industrie, de Mëttelstand, d'Landwirtschaft an de Wäibau.

Ech wëll do virun allem eis mëttelstänneg Betriber eraushiewen, an deene wäit iwwer 100.000 Aarbechtsplaze bestinn. Dat sinn déi meeschten Aarbechtsplazen. Si si buedemstänneg a si si krisefest. E mëttelstännege Betrib plënnert net séier. Eng Bank ass séier fort an huet an den heitege Systemer ganz séier hir Benefisser anerwäerts transferéiert. D'Signal ass awer, an do huet den Här Clement jo och hei batter Tréine gekrasch, dass et beim Mëttelstand net méi géif virugoen, dass au contraire ee permanent souguer gesäit, dass et hannerzech geet.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Dir hutt net richteg nogelauschtert, Här Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Oh, ech hunn Iech awer esou verstanen.

***(Interruption)***

Zënter laange Joren, Här President, gëtt et hei an dësem Stat ee Signal un déi jonk Leit: Gitt dach bei de Stat oder bei d'Gemengen. Do hutt der eng gutt Pai, eng sécher Aarbechtsplaz. Sozial- an aarbechtsrechtlech sidd Der gutt ofgeséchert, Dir drot kee Risiko an Dir kritt herno och nach eng déck Pensioun.

Bei de Mëttelstänner, do heescht et, investéieren a Milliounenhéicht. Mir wëssen, wat haut Betriber kaschten: Ierger a Roserei mat Verwaltungen, déi schlecht funktionéieren, eng schlecht sozial Ofsécherung an nach en héije Risiko dobäi.

Ech wëll do e Beispill eraus gräifen, Här President, an dat ass dat lamentabelt Beispill vun de Faillites frauduleuses, wou all Joer driwwer lamentéiert gëtt, wou awer a Wierklechkeet näischt geschitt. D'Confédération luxembourgeoise du commerce huet viru kuerzem e Communiqué erausginn, do freet se: „Pourquoi en est-il ainsi? La confédération se doit d'accuser, parce que l'engrenage rouillé de la machine étatique les laisse faire et souvent refaire les mêmes coups frauduleux. Faillite organisée: mode d'emploi simple à la portée de tout un chacun. L'Etat perd ses moyens, qui le font vivre pourtant, et cela parce qu'il ne remplit pas son rôle, ou du moins pas comme il le devrait. Le déclin de l'éthique commerciale est inévitable. Pourquoi faut-il en arriver à ce stade? Police judiciaire, tribunaux et ministères compétents accusent une lenteur, une lourdeur et une inefficacité inquiétante. Pourquoi en est-il ainsi?“ Mir froen och: Wuerfir ass dat esou?

Här President - ech erënnere mech drun -, ech war de 5. Dezember 1985 bei der Section financière vun der Police judiciaire als Zeien. Et war de 5. Dezember, well engem vun de Beamte seng Fra huet um halwer siwen ugeruff, wou hien d'Spillgezei fir d'Kanner verstoppt hätt, well de Kleesche kéim geschwënn. Ech muss soen all Respekt, ech hunn den Hutt ofgedoe virun deenen zwee Beamten, well se esou laang no Feierowend nach geschafft hunn. Si hu batter Tréine gekrasch - bildlech geschwat - wéinst deem Koup Aarbecht, dee si do hätten a si kréiche fir alles an der Welt keng Leit bäi.

Et ass deeselwechten Zoustand, dee mir haut nach ëmmer déploréieren. An dat ass dat, wat ganz ville mëttelstännege Betriber d'Genéck brécht, well et ass fierchterlech, wann een héiert, wat um Niveau vun de Faillites frauduleuses geschitt, wou Leit sech bal alles kënnen erlaben: Deen een Dag Faillite maachen an aacht Deeg drop mat enger anerer Entreprise virufueren an déi, déi d'Suen do hänke loossen, kënnen d'Luucht aus kucken.

Här President, et ass kee Wonner, dass ëmmer méi Jonker de Schrëtt an d'Eegestännegkeet scheien an eng Plaz beim Stat a bei de Gemengen ustriewen. Dozou wollt ech Iech nach en Zitat virliesen, an zwar ass dat eng Stellungnahm vum Handwierk, Zitat aus dem Tageblatt: „Wenn die Luxemburger nicht wieder beginnen sich für Arbeit in Industrie und Handwerk zu interessieren, dann ist ein Massensterben von Betrieben im Handwerk nicht ausgeschlossen, sagt Kuhn.“ An da kënnt en entscheedende Saz: „Im Lande fehlen der Esprit créateur und der Esprit d'indépendance.“ Dat ass dat, wat hei zënter ville Joren systematesch futti gemaach gëtt.

Här President, dat gëlllt och fir eis Landwirtschaft an eise Wäibau, iwwert déi ech e puer Wuert verléiere wëll, wou d'Perspektiven ëmmer méi däischter ginn a sech kaum nach Jonker fannen, fir ënnert dëse Konditiounen e Betrib ze iwwerhuelen. Ech war frou ze héieren, dass ee vu menge Virriedner, den honorablen Här Clement, a senger Eegeschaft als President vun der Agrarkommissioun, eng ganz Partie Punkten opgezielt huet, déi mir ganz sympathesch sinn, an déi mir och net onbekannt virkomm sinn, well ech selwer drop gehalen hunn, datt si an de Rapport vun der Agrarkommissioun dra geschriwwe gi sinn. Ech hoffen och, well hie se hei virgedroen a verteidegt huet, dass si beim Minister op en offent Ouer gestouss sinn.

Et geet net duer, dass mir an eiser Landwirtschaft nëmme just driwwer lamentéieren, dass mir net Quote genuch hätten, an dass d'Fleesch an d'Kären et am Fong geholl net méi esou géinge brëngen. Et ass ganz richteg, dass eng seriö Diversifizéierung muss gemaach ginn. Et ass guer näischt Neies dat alles. Dat Trauregt ass just, dass mir schonn éiweg driwwer schwätzen. Mir gesinn, dass d'Konsumgewunnechten sech änneren, datt fir Milliarden hei am Land Fësch, Poulet, dat heescht Héngerfleesch oder Pouletsfleesch, Eeër, Geméis an esou weider konsuméiert gëtt, a mir net am amstand sinn, dat selwer ze produzéieren.

En aneren Aspekt ass dee vun der Energie, der ëmweltfrëndlecher Energieproduktioun aus landwirtschaftlecher Aktivitéit, déi onbedéngt muss ganz geziilt a konsequent ausgebaut ginn, mä - an do geet meng Meenung mat där vu mengem Virriedner net iwwereneen. Et gëtt net duer, dass de Minister seet: „De Beruff“ - esou wéi hien et och bei de Jongbaueren zu Ettelbréck gesot huet - “muss d'Initiativen huelen“. Dat ass sech d'Saach e bëssen einfach gemaach.

***(Interruptions)***

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Här Mehlen, sollen d'Statsbeamten et maachen?

Une voix.- Déi kennen och eppes dovunner.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- D'Gesetz gëtt de Kader an deem et méiglech ass, an dann ass et um Beruff, fir ze kucken, dee Kader beschtens ze notzen.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Esou einfach maachen déi verschidde Regierungen et sech schonn zënter ville Legislaturperioden.

Ech wëll Iech emol eent soen: Mir kennen d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg. Ech hu virun enger Woch hei eng Fro gestallt, déi an de sou genannte genossenschaftleche Beräich erageet. Mir wëssen, wéi krank de ganze Secteur ass. Ech denken, dass et net méi ganz laang dauert bis mir ganz seriö iwwert dee Problem musse schwätzen. Vun deene Leit ass keng Initiativ ze erwaarden. Maacht Iech näischt vir! Wie kënnt se huelen?

An dat ass dat, wou ech ganz kloer aner Iddien hunn, wéi d'Regierung se huet. D'Regierung soll hir Aarbecht maachen, mä si soll op der anerer Säit d'Méiglechkeet schafen, dass et am Bauremilieu, sief et um Niveau vun der Landwirtschaftskammer, wou Agrigestion mat ugegliddert ass, dass alles dat, wat d'Betriber kéint förderen, beroden an hëllefen opbauen, vun där Säit aus ka begleet a gefördert ginn. Et geet net, dass ee jonke Leit seet, déi aus der Schoul kommen, déi keng Perspektiven an hirem Betrib gesinn, wéi dat ëmmer erëm virkënnt: „Elo maach emol dëst oder dat, rapp emol un an da kucke mir wéi et geet.“

Neen, dat muss konzertéiert sinn. Do musse Spezialiste ronderëm sinn. Déi musse Stagen an deene Betriber gemaach hunn, fir dass si honnertprozenteg am Suedel sëtzen ier se ufänken. An da mussen se nach permanent begleet ginn. Do musse jo Marchéen erschloss ginn an esou weider. A fir einfach ze soen: D'Initiativ muss aus dem Beruff kommen, a kuckt, dass Dir eens gitt. Ech fannen, dat ass sech d'Saach manifestement ze liicht gemaach.

Datselwecht ass déi Iddi, fir dass d'Leit emol sollen e bëssen entlaascht gi vun all deene Paperassen, déi ëmmer nëmmen zouhuelen, déi hinne vill Zäit ewechhuelen an déi se heiansdo un de Rand vun der Verzweiflung dreiwen, well se just während der meeschter Aarbecht am Fréijoer, wou se hirer Hänn kee Rot méi wëssen, fir d'Aarbecht gemaach ze kréien, dann och nach stéissweis Formulairë mussen ausfëllen a sech mat allméigleche Saachen erëmklappen, fir datt hinnen d'Primen net laanscht d'Nues ginn.

Datselwecht betrëfft d'Meeschterprüfung, iwwert déi schonn 20 bis 30 Joer hei am Land geschwat gëtt. Ech fannen et lamentabel, dass do nach näischt geschitt ass. Et wier dach kee Problem, fir wéinstens déi Ouverture ze maachen an deene Leit, déi d'Meeschterprüfung wëlle maachen, en zousätzleche Ureiz ze ginn. Et schwätzt jo keen dovunner, fir se als Condition préalable, fir däerfen de Beruff auszeüben, anzeféieren, mä maacht dach eppes, dass si kënnen eng Meeschterprüfung maachen, dass si kënnen a gudden unerkannte Betriber léieren, wéi een e Betrib richteg féiert an dat iwwert d'Schoul eraus.

Ech wëll dann och nach e Wuert zur Akerbauschoul soen: Et huet kee Wäert, fir laang a breet iwwer Gebaier ze lamentéieren. D'Schoul gëtt a Gebaier gehalen, dat ass richteg, mä d'Qualitéit vum Unterrecht hänkt net vun der Qualitéit vun de Gebaier of oder nëmmen zu engem ganz limitéierten Deel.

Ech wollt nach e Wuert iwwert de Wäibau soen, Här President, an domadder kann ech dat Kapitel séier ofschléissen. Ech hat am ofgelafene Joer elo eng Interpellatioun doriwwer. Ech bleiwe bei der Meenung, dass déi ganz Efforten, déi op der Musel musse gemaach ginn, am Kader vun enger Organisatioun musse geschéien, ob déi AIVL heescht oder CIVL oder wéi och ëmmer, mä alles, wat do geschitt, ugefaange beim éischte Spuetestéch am Wéngert bis dass de Wäin definitiv beim Konsument am Glas ass, muss an engem Groupement koordonéiert ginn. Dat, wat elo geschitt ass sécher gutt, mä et wäert ëmmer nëmme Fléckwierk bleiwen. Ech si gespaant wéi dann d'Zuele vum Ofsaz sech insgesamt wäerten entwéckelen.

Här President, ech wollt nach e Wuert dozou soen: An zwar huet eise Wirtschaftsminister verschiddentlech vu sech ginn, wann iwwert d'Landwirtschaft Rieds gaangen ass, datt d'Luxair an d'Cargolux dräimol méi zum PIB géinge bäidroen, wéi d'Lëtzebuerger Landwirtschaft an de Wäibau. Esou einfach kann ee sech et maachen. Mir kënne jo och soen: Wa mir fënnef weider Jumboe fléien hätten, da kënnte mir eigentlech d'Lëtzebuerger Landwirtschaft vergiessen. Dat ass d'Nohaltegkeetspolitik wéi dës Regierung se anscheinend versteet. Ech weess net, wat den Här Wirtschaftsminister soss domat gemengt huet.

Eng Nohaltegkeet, déi awer zur Guideline vun der ganzer Politik deklaréiert ginn ass virun zwee Joer. Dat Eenzegt, wat nohalteg dodrun ass, ass, dass esou wéi mir hei de Mëttelstand lues a lues kleng maachen, d'Basis vun eiser Ekonomie nohalteg zerstéiert gëtt. Zur Nohaltegkeet gehéiert awer an alleréischter Linn, dass déi ekonomesch a finanziell Basis vum Land erhale gëtt.

Här President, dat, wat mir elo erliewen - an ech resüméieren dat, wat ech a menger Ried gesot hunn - ass menger Meenung no net e klenge konjunkturellen Abroch, dee séier eriwwergeet. Ech si fest iwwerzeegt, dass et eréischt den Ufank ass vun engem déifgräifende Changement, wou d'Jore vun deene fette Kéi eriwwer sinn, a mir mat deeneselwechte Problemer ze kämpfe kréie wéi eis Noperen.

Mir si leider schlecht, ech géif soe ganz schlecht, drop virbereet. Ech erënneren un d'Resultater vun der PISA-Etüd. Wann een da gesäit, wou mir struewelen, fir iwwerhaapt Konklusiounen doraus ze zéien, fir iwwerhaapt eng Reform, déi souwisou vu laanger Hand ass, an d'Wee ze leeden, wéi mir net de Courage hunn déi PITA-Etüd, déi eist Léierpersonal soll évaluéieren, iwwerhaapt ze akzeptéieren oder hei duerchzeféieren, da muss ee sech froe wéi et an deem Land hei weidergeet, well et ass virun allem d'Kompetenz vun eise jonke Leit, déi d'Zukunft vum Land entscheet.

Hei ass d'Reform vum Statsapparat systematesch verschleeft ginn, well de Courage dofir net bestanen huet. Mir gleewen net drun, dass eng DP, déi gréisstendeels de Mëttelstand vergiess huet a voll op d'Fonction publique setzt, et jeemools fäerdeg wäert brëngen, fir eng Reform duerchzeféieren, déi Kapp a Fouss huet. Hei ass d'Motivatioun fir Eegestännegkeet, Leeschtung a Risikobereetschaft praktesch systematesch ofgewiergt ginn.

Här Clement, wann Dir dat d'éinescht bedauert hutt, da muss een och d'Fro stelle wuerfir et esou ass. Dat kënnt net vun näischt. Last but not least ass hei verpasst ginn en temps utile eng Steierreform ze maachen, wat wierklech eng Steierreform gewiescht wär, déi op eng Vereinfachung vum System eraus gelaf wier a virun allem deenen, déi schwaach Akommessen hunn, an elo net vun der Steierreform profitéiere kënnen, zegutt komm wier.

Här President, an dësem Budget gëtt dëser gewalteger Erausfuerderung un d'Zukunft keng Rechnung gedroen, an dofir kënne mir em selbstverständlech keng Zoustëmmung ginn. Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Den Här Meisch huet d'Wuert.

M. Claude Meisch *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Félicitatioune ginn u mäi Fraktiounskolleeg, den Emile Calmes, fir säin excellente schréftleche wéi mëndleche Rapport iwwert de Budget 2003. Hien huet a sengen Ausféierungen op eng Rei vu wichtegen Erausfuerderungen higewisen, virun deene mir stinn. Ech wollt dovun nach een Aspekt méi wäitgehend beliichten, an zwar dee vum Ëmweltschutz. Meng Interventioun befaasst sech also mam Budget vum Ëmweltministère.

Als Signataire vun internationale Konventiounen - et sief nëmmen de Kyoto-Protokoll genannt - huet sech Lëtzebuerg engagéiert mat valable Mesurë géint d'Klimaveränneerungen unzekämpfen. Eng vun deene Mesuren ass et, d'Energie méi effizient ze notzen, awer och eng méi ekologesch Energieproduktioun kann e richtege Schratt an dës Richtung duerstellen. Et ass dofir ze begréissen, datt d'Efforte fir d'Stroumproduktioun duerch erneierbar Energien am Budget fir d'Joer 2003 weidergefouert ginn. D'Reglementer iwwert déi finanziell Hëllefen an dësem Domän gëlle weiderhin.

Fir d'Prime d'encouragement fir d'Produktioun vu Stroum mat Hëllef vu Wand-, Waasser- a Sonnenenergie an duerch d'Biomass sti weider 1.545.000 Euro zur Verfügung. D'Reglement iwwert d'Subside fir d'Promotioun vun engem rationelle Gebrauch vun der Energie an d'Ënnerstëtzung vun den erneierbaren Energien ka fir d'Joer 2003 vun engem Kredit vun zwou Milliounen Euro profitéieren. Ech wéilt hei ervirsträichen, dass d'Förderung vun erneierbaren Energien och aktiv dozou bäidroe kann, dass nei Aarbechtsplaze geschafe ginn, dat zumools a klengen a mëttlere Betriber, déi jo bekanntlech eng wichteg Roll fir eis lëtzebuergesch Ekonomie duerstellen.

Wat d'Potential vun dem Energiespuere bei de bestehende Gebaier ugeet, ass ze bemierken, datt de Budget vum Ëmweltministère iwwer e Poste vun enger Millioun Euro disposéiert fir d'Promotioun vu manner $CO_2$-Emissiounen aus bestehende Gebaier. All déi dote Mesuren, déi mat deene Reglementer agefouert gi sinn am Laf vun deene leschte Jore, stousse bekanntlech bei der Lëtzebuerger Populatioun op eng grouss Nofro, wat an der Äntwert op eng Question parlementaire vu mengem Fraktiounskolleeg, dem Emile Calmes, viru kuerzem däitlech ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn der Meenung - an dëst ass schonn an der Ëmweltkommissioun gesot ginn -, dass et wënschenswäert wär, wann de Carnet de l'habitat, an zumools säi Volet énergétique, esou séier wéi méiglech géif agesat ginn. Dëse Carnet de l'habitat ass e wichtegt Instrument, fir dass et zu Energiespuere bei de Stéit kënnt. Ech wéilt dorun erënneren, dass d'Aspuerpotential op dësem Gebitt net manner wéi 30% duerstellt. D'Propositioun vun engem Energiepass, wéi se am Budgetsrapport steet, ass ze begréissen. An dësem Energiepass géifen déi

Aarbechten opgelëscht ginn, déi d'Renovatioun, déi thermesch Isolatioun vun den Aussemaueren, vum Daach a vun der Dalle, d'Asetze vun Duebelverglasung an nach aner Isolatiounsnorme betreffen. Wann een all dës Konditioune respektéiert, hätt de Propriétaire vun esou engem Energiepass d'Recht op finanziell Hëllefe vum Stat.

Och hei gëtt et en direkten Zesummenhang tëschent der Ekonomie an der Ekologie. Ech wëll nëmmen op déi Initiativ, déi virun enger Rei vu Jore vun enger Gewerkschaft lancéiert gouf, hiweisen, wou et drëms gaangen ass, duerch eng verstäerkt Altbausanéierung nei Aarbechtsplazen ze schafen. Besonnesch déi kleng a mëttel Handwierksbetriber kéinte vun esou enger Mesure profitéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, supplementar zu deenen Dépensen, déi am Budget vun der Ëmwelt figuréieren, huet den Ëmweltministère de Fonds pour la protection de l'environnement als Instrument vun enger budgetärer Politik. Ech géif gären hei drun erënneren, dass den Ëmweltfong vun dëser Regierung amendéiert ginn ass, an deem Sënn, dass Mechanisme vum Fong och kënne gebraucht ginn, fir déi kommunal Initiativen am Ëmweltberäich ze ënnerstëtzen an ze encouragéieren, Initiativen, déi als Objektiv d'Energiespueren an den Asaz vun erneierbaren Energien hunn. Dëst ass gutt, well de Gemenge fält eng wichteg Aufgab zou, wann et ëm nohalteg an ëm ëmweltverträglech Entwécklung geet.

Et ass sécher, dass d'Gemengen eng grouss Responsabilitéit am Beräich vum Klimaschutz hunn. Fir hinnen et ze erméiglechen dës Responsabilitéit ze iwwerhuelen, muss déi néideg Subsidiaritéit spille kënnen. Dës Responsabilitéit vun de Gemengen am Beräich vum Klimaschutz misst formal als solch festgehale ginn. Et wär och ze hoffen, dass d'Gemenge vun hirer Autorité de tutelle op eng proaktiv Manéier dobäi géingen ënnerstëtzt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn et schonn uganks vu menger Ried gesot: Lëtzebuerg huet sech engagéiert, fir de Protokoll vu Kyoto iwwert d'Reduktioun vun den $CO_2$-Emissiounen ze respektéieren. Mir hunn eis engagéiert, fir an der sou genanntener europäescher Bulle eis $CO_2$-Emissiounen ëm 28% bis zur Zäitspan 2008-2012 erof ze setzen. Am Joer 1998 huet eng Evaluatioun erwisen, dass et zu enger Baisse vun 32% vun eisen $CO_2$-Emissioune komm ass. Dëst ass haaptsächlech de Verdéngscht vun der Industrie, an dat gréisstendeels duerch d'Moderniséierung vun der Sidérurgie.

Leider huet eng Aktualiséierung vun dësen Donnéeë gewisen, dass eis $CO_2$-Emissiounen net ophale mat klammen, an dat zemools an de Secteure vum Transport a vun de Stéit. En plus wäert de Fonctionnement vun der TGV-Zentral zu Esch weider Konsequenzen op eis $CO_2$-Emissiounen hunn. Esou ass geschätzt ginn, dass bei enger maximaler Produktioun an ouni Uschloss un e sou genanntene Réseau de chaleur et zu engem zousätzlechen Ausstouss vun ongeféier 800.000 Tonnen $CO_2$ kënnt. Dat, obschonns et sech heibäi ëm eng duerchaus ëmweltfrëndlech Stroumproduktioun handelt. Zil muss et also sinn, fir de Rendement vun dëser Installatioun weider ze erhéijen, an dat zum Beispill duerch d'Notze vun der Hëtzt.

Ech wëll an dësem Zesummenhang nach eng Kéier drun erënneren, datt beim Verkaf vun der Participatioun un der SOTEG den deemolegen Energieminister versprach hat, 400 Milliounen aler Lëtzebuerger Frang fir d'Schafung vun engem Réseau de chaleur ze reservéieren. Dozou ass et leider bis haut net komm.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt mir Schwieregkeete wäerte kréien, eist Engagement vum Kyotoprotokoll ze respektéieren, läit op der Hand. Eis dach aussergewéinlech wirtschaftlech a geographesch Situatioun dréit mat dozou bäi, datt esou e Reduktiounszil besonnesch schwéier ze erreechen ass. Eng eenzel Industrie kann, grad wéi an der separater Ökobilanz vun enger Grousstad, bedeitend Répercussiounen hunn. Wa mir eis also op déi sou genannte Mesures domestiques beschränke wëllen, lafe mir effektiv Gefor, d'Ziler vu Kyoto net ze respektéieren a souguer spéiderhi Strofe mussen ze bezuelen.

Et ass duerfir ze begréissen, datt de Budgetsrapport d'Propositioun mécht, fir op d'Flexibilitéitsmechanisme vun dem Kyotoprotokoll Réckgréff ze huelen.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Dir maacht lech d'Saach e bëssen einfach.

M. Claude Meisch *(DP).*- Dir hat mech net weider schwätze gelooss, ech wollt nämlech direkt dorop zréckkommen. Dat wär effektiv ze einfach an et geet net drëm, elo an anere Länner eppes ze maachen, well mir hei näischt méi wëllen maachen, mä et geet hei drëm, fir allméiglech Moossnamen an Efforten och op nationalem Plang ze maachen, déi noutwenneg sinn an déi méiglech sinn. Déi eege Moossname mussen eng absolut Prioritéit hunn. Ech hu schonn aganks vu menger Ried drop higewisen, wou een nach verstäerkt kéint agräifen.

Mir kënnen a mir däerfen eis net hannert de Flexibilitéitsmoossname vum Kyotoprotokoll verstoppen, fir ze évitéieren, fir op nationalem Niveau dat Méiglechst ze maachen. D'Mechanisme vum Kyotoprotokoll, siefen et d'Permis d'émission négociables (op englesch: emission trading), d'Mise en oeuvre conjointe (joint implementation) an de Mécanisme de développement propre (clean development mechanism) hu gemeinsam, datt si duerch de Gebrauch an den Handel vun Emissiounsrechter et erlaben, eng gewësse Quantitéit vun $CO_2$ ze produzéieren, an dat am Austausch mat enger equivalenter Reduktioun op enger anerer Plaz.

Et ginn zwee Grënn, déi fir dës flexibel Moossname schwätzen. Éischtens betrëfft den Objektiv vum Kyotoprotokoll eng global Reduktioun. Dëst Zil kann och erreecht ginn duerch eng Repartitioun vun den Emissiounsrechter. Och ass d'Eventualitéit vun engem Dépassement vun de Quoten, wa si encadréiert ass, méi effizient wéi Quoten, déi de manière absolue festgesat sinn, mä ni wäerten agehale ginn.

An dësem Kontext huet de Budgetsrapporter Emile Calmes op eng a mengen An interessant Tatsaach higewisen. All déi Länner, déi am wäitste sinn a punkto Applicatioun vun de Flexibilitéitsmechanismen, si Länner, déi de faméisen Objektiv vun 0,7% vum Produit national brut fir d'Entwécklungshëllef erreecht hunn. Ech brauch Iech jo net drun ze erënneren, datt Lëtzebuerg eent vun deene Länner duerstellt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mir erlabe just e Beispill vun engem ugewanntene Fall vun engem vun deenen dote Flexibilitéitsmechanismen duerzeleeën, an dat méi genau um Beispill vun enger Mise en oeuvre vum Mécanisme de développement durable, och nach CDM genannt.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Lëtzebuerg oder eng Lëtzebuerger Entreprise finanzéiert e Projet vun enger erneierbarer Energie an engem sou genanntenen Entwécklungsland. Huele mer de Mali. A Mali gëtt zum Beispill eng Photovoltaikanlag opgebaut, mat där hirer Hëllef Stroum produzéiert gëtt, deen dozou déngt Waasser aus engem proppere Pëtz ze pompelen.

Une voix.- Très bien.

M. Claude Meisch *(DP).*- Dank dësem Projet géinge manner $CO_2$-Emissioune fräigesat ginn, wéi wann de Stroum op konventionell Aart a Weis misst produzéiert ginn. Dës Reduktioune ginn duerch onofhängeg Expären evaluéiert a certifiéiert.

De Mali verléiert näischt. Als Land aus der Annexe 2 vum Kyotoprotokoll huet et keng Engagementer geholl. Lëtzebuerg awer gesäit sech kreditéiert vun de festgesatenen Emissiounsreduktiounen. Eise Quota gëtt also kreditéiert. Dëst entsprécht dem Objektiv vum Sommet vu Johannisburg, wou festgehale gouf, datt d'Energieversuergung an de sou genanntenen Entwécklungslänner misst verstäerkt duerch erneierbar Energien assuréiert ginn an den Zougang zum Drénkwaasser erlichtert gi soll. All Flexibilitéitsmechanismus enthält eng Rei spezifesch Risiken.

Et ginn eng Rei vun Onsécherheeten, vu komplizéierte Rechnungen. An de sou genanntenen Entwécklungslänner kéinten se zum Beispill Bremse sinn, fir selwer Engagementer anzegoen. Et kéint an dëse Länner zu kenger effikasser Ëmweltpolitik kommen, wann ee sech eenzeg an eleng géing op déi dote flexibel Moossname verloossen. Op där anerer Säit kéinten d'Industrielänner all Moossname bei sech doheem op Äis leeën. Et kéint och zu enger Baisse vun der Entwécklungshëllef kommen.

Déi Flexibilitéitsmechanisme stellen awer och eng ganz Rei vu kloren Avantagen duer. Et kënnt zu enger Diffusioun vu sou genannte propperen Technologien an et ass eng vun de wéinege Méiglechkeeten, fir an de sou genannten Entwécklungslänner Léisungen opzestellen, déi och hir Ëmwelt kënne respektéieren. Et kéint zu schnelle Resultater kommen an zemools bidden dës Flexibilitéitsmechanismen d'Méiglechkeet vun enger kollektiver Effizienz. Ech deelen duerfir dem Rapporter Emile Calmes seng Meenung, datt et néideg ass Experienze vun esou Projeten um Gebitt vum Développement propre ze ënnerstëtzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn et scho gesot: Lëtzebuerg wäert sech an enger delikater Situatioun erëm fannen, fir seng Engagementer vum Kyotoprotokoll ze respektéieren. Lëtzebuerg wäert virun enger net onkomplizéierter Aufgab stoen, fir dës Ziler, déi mir eis gesat hunn, ze erreechen. Hei heescht et op eng équitabel Manéier d'Käschten an de Benefiss vun deenen néidege Moossnamen zwëschen alle concernéierten Acteuren, sief et Entreprisen, den Transport oder och de privaten Haushalter opzedeelen.

D'Asetze vun de Flexibilitéitsmechanismen ass sécher e wichtegen Enjeu um ekonomeschen, wéi um sozialen an awer och um ökologesche Plang. Lëtzebuerg wäert dorop zréckgräife mussen, fir d'Objektiver vu Kyoto ze erreechen. Dëst natierlech ëmmer parallell zu sengen eegenen Hausaufgaben hei am Land. Et ass sécher iwwerflësseg ze betounen, datt dës Projete mussen déi noutwenneg Entwécklung vun de concernéierte Länner respektéieren, grad esou wéi onëmgänglech ass, datt dës Projeten ni däerfen zur Kooperatiounshëllef vu Lëtzebuerg ugerechent ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt nach eng Kéier drun erënneren, datt d'Lëtzebuerger Industrie considérabel Efforte gemaach huet, wat d'Reduktioun vun den $CO_2$-Emissiounen ugeet. Ech wéilt och drun erënneren, datt d'Energie eng Basis vun all wirtschaftlecher Entwécklung ass, an datt all Croissance gläich geet mat dem Konsum vun Energie. D'Kompetitivitéit vun de Lëtzebuerger Entreprisë muss erhale bleiwen, grad wéi no de legitimen Ëmweltcontraintë muss gekuckt ginn. Eis Efforten, fir eisen Objektiver vum Kyotoprotokoll nozekommen, dierfe sech eben net als Brems fir déi wirtschaftlech a sozial Entwécklung erweisen, mä als Erausfuerderung. Ech wéilt duerfir de Budgetsrapport zitéieren a mengen, datt d'Regierung d'Lëtzebuerger Entreprisen ënnerstëtze misst, déi gewëllt sinn duerch a mat de Flexibilitéitsmechanisme vum Kyotoprotokoll ze investéieren.

Dës verschidde Flexibilitéitsmechanisme stellen eben och nei Entwécklungsméiglechkeete fir déi lëtzebuergesch Ekonomie duer. Ënnert der Tutelle vum Ëmweltministère, wat d'CDMen ugeet, ënnert der Tutelle vum Wirtschaftsministère fir d'«joint implementation» kéinte Partenariatsaccorden zwësche Lëtzebuerg an Entwécklungslänner, an zwësche Lëtzebuerg an Drëttlänner, déi Signataire vum Kyotoprotokoll sinn, wéi zum Beispill Länner aus dem fréieren Ostblock, net nëmme global positiv Effeten op d'Reduktioun vun den $CO_2$-Emissioune liwweren, mä och Opportunitéite schafe fir Lëtzebuerger Entreprisen. Och esou géinge mir e weidere Schratt a Richtung vun enger ekonomescher Diversifizéierung maachen. Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir, datt ech Positioun huelen zu engem Finanzfong, dee mir och an eisem Budget hunn, fir Spidolsinfrastrukturen. Ech mengen, et wär interessant, grad ewell d'Konjunktur zréckgeet, sech do ze positionéieren, a well Prioritéite gesat gi mussen.

Wann ech soen et wier interessant, dann ass dat, well Investissementer net einfach esou am Raum stinn, wéi mer et deemools 1999 den 20. Mee gesot hu bei den Diskussiounen iwwert d'Finanzéierungsgesetz, mä well ee se ka mat den A kucken. Elo gëtt jo dat Ganzt iwwert de Budget ofgewéckelt. Deemools hate mir e Compte bloqué. Deemools ass eng nei Dynamik entstanen, déi een am Plan hospitalier vun 2001 erëm fënnt. Deemools hate mir e ganze Package vu Projeten, dee mir verabschiet hunn. Dat Ganzt huet op där berühmter SEMA-Etüd aus dem Joer 1990 baséiert, wou mir festgestallt haten, datt mir ze vill akut Better hei am Land hätten, datt monospezialiséiert Strukturen noutwenneg wieren, zum Beispill e Rehazenter oder eng Häerzchirurgie, a keng Synergië fonctionnéiere géifen.

20 Milliarde sollten engagéiert gi vun engem Total vu 25 Milliarden, wou d'UCM déi 5 Milliarden iwwer Amortissementer finanzéiert. Wat ganz wichteg war: Mat dësem Gesetz hu mir e kloren Oflaf kritt, wéi déi eenzel Dossieren ze behandele sinn, iwwer eng Autorisation de principe, iwwer Pläng 1:100, iwwer eng Konventioun mam Bauhär, dann e Kommodo/Inkommodo an esou weider. Autorisatioune vum Buergermeeschter an den CPH hu mussen an dës Prozeduren agebaut ginn. Mir hunn also do kloer Elementer a mir hunn Autorisatiounsprozeduren, déi transparent sinn.

15 Projete sinn deemools op de Wee geschéckt ginn an et ass gemengt ginn, siwe Stéck wäre prezis genuch, fir am Fong geholl se finanziell ze evaluéieren. Ech wëll do de Centre Baclesse oder den Hôpital de la ville d'Esch als Beispill ginn. Aacht Stéck wären net prezis gewiescht, well d'Zommen éischter forfaitairer Natur gewiescht wären. Hei wär éischter eng politesch Ausso wéi en Invest ze tätegen, wou gesot géif ginn: Mir ginn an déi dote Richtung, am Kontext vun enger globaler Enveloppe. Do kann een d'Beispill HPMA huelen, wou 400 Millioune festgeluegt gi waren, fir zum Bei spill d'Hygiène an d'Mise en sécurité.

Wann een dann haut kuckt wéi et ass, da stellt ee fest, dass vun deene 15 Projeten et der just zwee sinn, déi an der Enveloppe bliwwe sinn. Vun deenen aneren alleguerte sinn der néng massiv an d'Luucht gaangen, zwee sinn der an d'Luucht gaange pour des raisons inconnues de Moment, ee Projet ass abandonnéiert ginn an et ass een neie Projet bäikomm. Et muss een also da feststellen, dass et do och net esou gaangen ass, wéi gemengt ginn ass. Do ass gesot ginn: Et däerfe just déi Projete weidergefouert ginn, déi präzis sinn; dat wären der siwe gewiescht. A vun deene siwe sinn et der nëmmen nach zwee, déi wierklech konkret an der Enveloppe bliwwe sinn.

Mir gesinn also hei, dass d'Zukunft net ëmmer esou ausgesäit, wéi ee sech dat virstellt. Deemools hat ech och gemengt de Minister sollt d'Chamberkommissioun iwwert déi eenzel Projeten, déi nach net esou wäit evoluéiert sinn, informéieren. Dat hat ech deemools dem Här Wohlfart gesot, dem deemolege Gesondheetsminister. Haut hu mer den Här Wagner, an deen huet eis effektiv, am Kader vun de Chamberaarbechten iwwert den Avis zum Budget, Informatiounen zum Budget 2003 ginn.

Hien huet also ganz kloer Transparenz spille gelooss, a mir konnten dann du feststellen, dass zum Beispill de Kierchbiergprojet 15,46 Milliounen Euro méi deier gëtt, d'Ettelbrécker Klinik 22,56 Milliounen an d'Häerzchirurgie 1,63 Milliounen, wou nach eng Vergréisserung an Aussiicht gestallt gëtt. Dat maachen also am Total 39,66 Milliounen Euro - 1,6 Milliarden al Lëtzebuerger Frang - , déi elo schonn op der Lee stinn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- An de Rehazenter?

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Ech kommen nach vläicht op de Rehazenter ze schwätzen, Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dat gëtt nach eng Kéier dat Duebelt.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Ech stellen och déi heite Fro, an ech mengen déi ass wierklech gutt gestallt: Wéi ass et mat den neie Projeten, déi net am Finanzéierungsgesetz viséiert waren?

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Zum Beispill d'Zithaklinik, en 3-Milliarde-Projet.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Do kënnt ech Iech zum Beispill soen, dass mer - an dat wësst Dir ganz gutt - an deem Secteur eng permanent Evolutioun hunn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Jo.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Mir hunn zum Beispill beim Hôpital de la ville d'Esch, wou elo déi véiert Phase kënnt. Do gëtt och elo diskutéiert, wéi déi soll ausgesinn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Do ginn d'Käschten an enger Spiral gehalen.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Am Diddelenger Spidol, do ass eng Fusioun komm an do kommen och elo nei Elementer.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Jo.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Am INCCI, also d'Cardiochirurgie, do musse mer och nei Elementer vergréisseren, grad ewéi am Centre Baclesse. An et sinn och nei Elementer do, wat den HPMA an d'Clinique Ste Marie ugeet. Dat heescht, dass do permanent Elementer kommen, déi d'Saach net méi einfach maachen.

An da wësse mer och nach, dass mer Verdeierunge kréien, well d'Oplage vun der ITM ganz oft a spéit kommen, an do ass et net einfach fir - wéi ech gäre soen - Neel mat Käpp ze maachen. Do musse mer also ee Modus vivendi ginn, ee Katalog opstellen, fir am Ufank vun den Aarbechte keng Iwwerraschungen ze kréien oder méiglechst vill Iwwerraschungen auszeschléissen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Entschëllegt, mä Dir sidd jo och der Meenung, dass et net schlecht wier, wa mer awer elo een Iwwerbléck géife kréien iwwert dat, wat u Méikäschten op eis zoukënnt, ouni elo a Fro ze stellen, dass déi Investitiounen noutwendeg a sënnvoll sinn. Et wär awer net schlecht, wann d'Chamber, dräi Joer nodeem d'99er Finanzéierungsgesetz gestëmmt ginn ass, elo e Bilan géif kréien, wat op eis zoukënnt, an a wéi fern dass déi Fonge genuch gespeist sinn, fir déi doten Investitiounen ze maachen.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Et ass richteg wat Der sot, mä dat hu mer jo awer deelweis an der Kommissioun kritt. De Minister huet eis matgedeelt, dass sollicitéiert Dépassementer vun 177,34 Milliounen Euro um Dësch leien, an dovu sinn der effektiv 39,66 där, déi ech lech elo genannt hunn. Also ech mengen do hätte mer awer Transparenz. D'Situatioun - géif ech mengen - ass a mengen Aen awer wierklech relativ kloer fir déi Projeten, déi elo alleguerten an dem 99er Gesetz waren, respektiv déi nei, déi schonn entaméiert sinn. Wat zu Diddeleng geschitt, kann de Minister elo nach net wëssen.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Ënnerbriecht dach net dauernd! De Countdown leeft hei; dat gëtt alles vun hirem Kont ofgehalen, wann Dir en dauernd ënnerbriecht. Et dauert ëmmer méi laang!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Neen, neen, neen. Den Här Premierminister huet sech ëmmer e liewegen Débat hei an der Chamber gewënscht; an Dir hutt lech dat och ëmmer gewënscht.

M. le Président.- Ech hunn näischt géint e liewegen Débat, mä ech stelle fest, dass mer ënner Zäitdrock sinn an dass hei den Zähler leeft. Hie kritt alles vu sengem Kont ofgehalen. Dir hutt näischt méi, kënnt och näischt vun lech eriwwer ginn, also da loosse mer eis elo Disziplin operleeën an dach lauschteren.

Mir hunn lech dach och elo all nogelauschtert. Firwat maacht Dir dat dann net? Wann Dir dauernd ënnerbriecht, da muss den Här Halsdorf äntweren. Wat bréngt dat dann? Iwwerhaapt näischt!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Entschëllegt, Här President.

M. le Président.- Dir musst mat Ärer Partei schwätzen. Är Fraktioun soll lech aschreiwe loossen, fir dass Dir dann am Numm vun Ärer Partei sot, wat Dir ze soen hutt.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Entschëllegt, Här President.

M. le Président.- Elo fänkt den Här Bausch och nach un.

***(Brouhaha général)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Neen, Här President, ech wollt lech just soen, déi klengste Fraktioun aus dem Parlament ass grousszügeg; mir hunn nach 27 Minutten a mir géingen der e puer un déi aner Fraktioune verléinen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dat ass ganz léif vun lech.

M. le Président.- Ech menge wann dat fir jiddereen ass, dann ass dat ganz gentil.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Entschëllegt, Här President, ech wëll awer just zu menger Entschëllegung soen - well ech ëmmer brav follegen, wann Dir mir eppes sot -, …

***(Hilarités)***

…dass et mer just drop ukënnt, dass wann den Här Halsdorf esou Chifferen nennt, d'Leit dobausse vollständneg informéiert ginn; den Här Halsdorf nennt awer eng Rei vu Projeten, déi och an der Maach an an der Mautsch sinn an och schonn op deem Tableau sinn, net. Ënner anerem d'Zithaklinik, mat dräi Milliarde Frang.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Här Di Bartolomeo, entschëllegt, ech hu mer Stéchwierder opgeschriwwen, an déi Stéchwierder, déi hei stinn…

***(Interruption)***

M. le Président.- Ma wann Dir e schonn ënnerbriecht ier en emol ausgeschwat huet. Ech stelle fest: Wann hie fäerdeg ass huet en ëmmer alles gesot.

***(Interruption)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, ech sinn elo rassuréiert, dass den Här Halsdorf dann alles seet. Ech soen lech merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här Halsdorf, Är Zäit stung awer elo déi ganz Zäit.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Ech weess, Dir huet ee perspicacë Bléck; Dir hutt alles am Grëff - bal alles -, Här Gibéryen.

***(Interruption)***

M. le Président.- D'Zäit ass gestoppt ginn, wéi ech elo eppes gesot hunn, mä virdrun ass se virugelaf. Abee, déi gréng Kolleege gi jo eppes zur Verfügung fir déi aner, dann ass d'Saach an der Rei.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Villmools merci.

M. le Président.- Also, Här Halsdorf, fuert virun! An d'Kolleege sollen nolauschteren.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Merci, Här President. Also ech wëll nach eng Kéier soen, dass an deem Beräich permanent Evolutioune sinn, dass Verdeierunge kommen, am Besonneschen och iwwert d'ITM, an dass mer do ee Katalog an och ee Modus vivendi brauchen, fir Iwwerraschungen auszeschléissen. De Minister ass jo och mat dëse Verdeierungen d'accord, wa se am Kontext vun den Autorisatiounen a vun der Sécherheet stinn. Wann awer nei Elementer kommen ass dat net esou einfach.

Dofir stellen ech och déi Fro - an ech hat mer déi och esou opgeschriwwen -, déi den Här Bartolomeo hei och gestallt huet: Wéi ass et mat dem Invest vun der Zithaklinik mat enger Méiausgab vun 81,745 Milliounen? Wéi eng Synergië sinn hei erfuerderlech fir e Konzept ze kréien, dat d'Unerkennung vum Ministère fënnt? Dat ass wichteg. Well wann ech dann aner Projeten huelen, wéi d'Maternité Bohler, do hu mer déi definitiv Plång, oder d'Radiothérapie Baclesse, wou mer en Devis vu 24 Milliounen mat enger Vergréisserung hunn, oder d'Kannerklinik, wou mer 42,8 Milliounen opschreiwen, mat engem Avant-projet, enger CPH, déi d'accord ass a mat engem definitive Projet, do muss ech soen, huet de Minister gutt gehandelt. Well viru Jore stoungen nëmmen 300 Millioune fir d'Kannerklinik am Budget - dat waren 300 Millioune Lëtzebuerger Frang - elo sinn et 42,8 Milliounen Euro.

Ech mengen do huet de Minister gutt reagéiert, a mir begréissen dat, sou wéi mer och begréissen, dass zum Beispill de Bereetschaftsdéngscht am Land, deen nuets op Initiativ vum Ministère reorganiséiert ginn ass, och eng gutt Initiativ vum Minister war. An ech géif mer och wënschen, dass hien och an den Urgencen an der Kannerklinik - et ass de Mëtte schonn ugeklongen - géif d'Saach an d'Hand huelen an um Ball bleiwen. Hei sinn ech der Meenung misst d'Personaldecken an Diskussioune mat der UCM iwwerduecht ginn.

Ech mengen am Gesondheetssecteur léisst sech net alles mat Ratio, mat actuariellen a mathematesche Berechnunge léisen. De Gesondheetssecteur am grousse Ganze brauch, mengen ech, mënschlech Iwwerleeungen a Flexibilitéit. Nieft wichtege wirtschaftlechen Iwwerleeunge muss och an d'Berechnunge mënschlech Generositéit an eis Spideeler afléissen.

An ech wollt och e Wuert zur Maternité Grande-Duchesse Charlotte soen, wou 5 Millioune virgesi si fir d'Mise en sécurité. Och wann do en Neibau, zesumme mat der Kannerklinik, am Raum steet ass et eng gutt Initiativ, grad wéi d'Eecher Klinik wou de Projet definitiv do ass.

Dir hutt jo och an der Press gelies, dass déi leschten Deeg am Regierungsrot all déi Projeten, déi fäerdeg waren, verabschiet si ginn. Also, huet de Minister wierklech do à la lettre dat gemaach, wat 1999 vun der Chamber gefuerdert ginn ass, an zwar fir just Projeten op den Instanzewee ze schécken, déi definitiv ofgeschloss sinn; an dat ass duerch déi Transparenz déi mer elo hunn och méiglech.

D'gesetzlech Normen, déi mer deemools net haten, hu mer och elo. D'Situatioun ass am d'Spidolssecteur am Fong geholl ganz positiv. Déi eenzeg Diskussiounen déi mer elo an der leschter Zäit haten, waren déi vum Dekonventionement.

Et gi keng Standortfroe méi, Här Di Bartolomeo. D'Frankelach ass an där heiter Diskussioun gestuerwen. Dat hunn ech festgestallt. Et ginn héchstens nach Standortfroen, eventuell am Kader…

***(Interruption)***

Dat mag sinn, déi sinn eriwwer.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dat kascht d'Land 2 Milliarde Frang.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Ech stelle fest, an déi meescht Leit stelle fest, dass et éischt Synergië gëtt an deem Beräich tëschent dem Hôpital de la ville d'Esch an dem Hôpital vun Diddeleng, tëschent dem HPMA an dem CSM an och tëschent der Clinique Sacré-Coeur an der Ste Elisabeth, wou mer jo d'Spidol um Kierchbierg elo kréien.

Wat wichteg ass an där ganzer Diskussioun vum Spidolssecteur, dat ass, dass d'Rechter an d'Flichte vum Patient och elo gesetzlech fixéiert sinn an d'Médecine de proximité iwwert de Spidolsplang bestoe bleift. Déi eenzel Haiser si gutt an hunn alleguerten evoluéiert.

An nach eng wichteg Ausso: De libre choix vum Dokter bleift bestoen, well jo den Dekonventionement vum Minister mat vill Fangerspëtzegefill ofgewise ginn ass, grad esou wéi hien och haut de Mëtten - d'ailleurs - Fangerspëtzegefill gewisen huet, wéi en am Kader vum Gesetz iwwert den Ajustement och déi Modifikatioune vum Code d'Assurance sociale net erausgeholl huet.

De libre choix vun de Spideeler iwwer eng equivalent Leeschtung muss och garantéiert bleiwen, dat heescht also ganz kloer Gläichbehandlung vun alle Spideeler, wou déi kleng lokal komplementar Rollen zu deene grousse spille kënnen. Dat heescht dann och eng harmonesch finanziell Entwécklung am Secteur mat motivéierten Acteuren an engem gesonde Konkurrenzgeescht.

Wat wëlle mer fir d'Zukunft? Mä mir wëllen d'Bedürfnisser vun eiser Bevölkerung decken an dat geet net méi duer mat mëttelméissegen Investen, do musse kontinuéierlech, mëttelfristeg a laangfristeg konsequent Planungen afléissen. Mir brauchen e performante Gesondheetssystem an een zukunftsweisend globaalt Konzept fir eis Gesondheetsversuergung.

D'Gelder mussen also prioritär an dëse Secteur fléissen, a grad an der Diskussioun vun de fräi zirkuléirende Patienten an der EU mécht en neit kierzlecht Urteel vum europäesche Geriichtshaff d'Saach net méi einfach. Esou muss elo e Patient eng obligatoresch Demande bei enger Sozialversécherung maachen, fir ausserhalb vu sengem Residenzland behandelt ze ginn.

Dëst verflicht nach méi derzou, all medezinesch Leeschtungen an eisem Land ze offréieren. Parallell dozou natierlech: Wéi sinn déi zukünfteg Auswierkunge vum Decker/Kohll-Uerteel an der Groussregioun? Ech mengen, et sti ganz vill Froen op, mä hei zu Lëtzebuerg hu mir awer vill Elementer, déi et eis erlaben, fir eng kloer Strategie ze maachen. An esou enger Strategie ass et kloer, dass d'Preventivmedezin wierklech eng Schlësselroll spillt.

Mir brauchen eng konsequent Auswäertung vum statistesche Material am Gesondheetssecteur, fir global an effikass Preventiounsprogrammer opzebauen. De Minister wëllt am Joer 2005 prezis handelen, dofir kommen nach doudsécher zwee bis dräi Pelotone vu Spidolsprojeten. Do misst ganz kloer, géif ech mengen, de finanzielle Volet zréckbehale ginn, fir dass do keng Aschneidunge kommen. Den Timing vum Rehazenter ass an dësem Kontext och ganz wichteg. Dat ass eng Fro, déi ech un de Minister stelle wollt, wéi et do weidergoe soll?

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Do sollt am Fréijoer de Spuetestéch gemaach ginn.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Ech géif nawell gäre wëssen, ob wierklech maximalistesch virgaange gëtt? Ech géif mir et allzäit wënschen. Ech mengen, de Minister ass gewëllt, maximal Suen an dëse Secteur ze investéieren.

***(Interruption)***

D'Carte sanitaire am Joer 2003 wäert eis nei Erkenntnisser bréngen. D'Services spécialisés an d'Synergië wäerten och bis dohinner gräifen. Ech sinn iwwerzeegt, dass an de Maisons de soins an an de Centres intégrés - d'Madame Minister Jacobs ass nach - déi vill Better, déi elo do kreéiert ginn, an deenen nächste Joren akut Better wäerte fräistellen, sou dass mir och do eng Entkrampfung wäerte kréien. Och d'Fleegeversécherung spillt eng wichteg Roll, well mir ganz vill Iwwerschneidungen hu mat de medezinesche Strukturen. Och ass de Minister gefuerdert, fir d'Répercussioune vun der Dageschirurgie ze evaluéieren. 2003 ass also e wichtegen Datum.

***(Interruptions)***

Ech si gespaant wéi mir d'DMS, d'Durée moyenne de séjour, evaluéiert kréien, besonnesch am Kontext vum Fleegepersonal a vun den Dokteren, déi an de Spideeler schafen, wéi de Schlëssel do wäert ausgesinn. Mir sollten eng Simulatioun vun der Evolutioun vum Käschtepunkt am Spidolswiese betreffend d'Krankekeese schnellstens virundreiwen. Des Weidere sollte mir kucke méi Flexibilitéit ze kréien an d'Konstruktiounen. Besonnesch beim Laboratoire national de santé sinn ech der Meenung, dass mir do flexibel musse virgoen.

Ech géif mir wënschen, dass mir fënnef IRMe géinge kréien an net véier. De Minister sot jo och: „C'est un équipement lourd indispensable à une médecine de qualité". Wann dat den A an O ass fir eng Médecine de qualité, da sollte mir dat och kréien, grad esou wéi e Positronenemissiounstomograph. Dee kennt Dir, dee kënnt jo deemnächst an den CHL, an e SPECT - den Här Huss ass net hei, mä dee versteet, wat dat ass -, dat ass e Single photon emission computed tomograph.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Mengt Dir, mir géifen dat net verstoen?

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Dann nach e kuerzt Wuert, wat wichteg ass, iwwert d'Psychiatrie. Déi Story ass ganz kloer 1993 ugaangen. D'Häffnerstudie ass du gemaach ginn. Mir brauchen eng Dezentraliséierung, mir brauchen eng Destigmatiséierung. Useldeng a Manternach bleiwe bestoen, akut Better ginn op Esch an op Ettelbréck an och an d'Stad, an de Rehabilitatiounszenter soll jo op Nidderkuer kommen. Dat ass eng gutt Saach. D'Standuertpolitik soll ophalen.

Ech hoffen, dass déi 3,2 Milliarde Lëtzebuerger Frang, déi 1998 am Abrëll, wéi de Projet op den Instanzewee geschéckt ginn ass, duer ginn, fir an dësem Beräich eng effikass Aarbecht ze maachen. Effikass Aarbecht, déi mir an de Spideeler brauchen. Dofir géif ech mir wënschen, dass de Minister de Gemengespideeler en anere Statut géif ginn, fir dass si méi effikass schaffe kéinten. Datselwecht gëllt fir d'Stéchwuert Ëmweltklinik, wou ech mir wënschen, dass mir do schnellstens eng Äntwert kréien.

Et geet also an dësem Beräich ëm d'Gesondheet vun eise Matmënschen. Hei däerf net gespuert ginn, ob dat Preventivmedezin ass, kurativ oder palliativ? An och an déi jeeweileg Strukture musse Gelder fléissen. D'Finanzéierung ass e Ganzt, wou de Minister, d'UCM an all d'Acteure sech un en Dësch sëtze mussen. Et gëtt esou schéi gesot: Gesond Matbierger sinn zefridde Matbierger. Ech géif soen: Medezinesch gesond a gutt betreite Matbierger, dat ass och e Stéck Liewensqualitéit. Dat ass eppes, mengen ech, wat all Politiker an de Mëttelpunkt vu sengem politeschen Handele stellt. Dofir loosse mir an dësem

Secteur gutt zesummeschaffen. Villmools merci fir Är Opmierksaamkeet.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel agedroen. D'Madame Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Budgetsrapporteur hat dëst Joer sécherlech keng einfach Aufgab. Praktesch iwwer Nuecht hunn d'Zuele vun de wirtschaftlechen a finanzielle Prognose sech geännert. D'Bild vun eisem wirtschaftlechen Ëmfeld an Ausbléck war net méi esou sonneg oder esou roseg, wéi et nach virdru geschéngt huet.

Ech wëll dem Rapporteur, dem Emile Calmes, félicitéiere fir seng Aarbecht, déi hien an d'Opstellung vu sengem Rapport investéiert huet. Mat senger gewinnter Rou, mat Sachkenntnis a mat sengem gewinnten optimisteschen Ënnertoun huet hie gewisen, dass Lëtzebuerg d'Zukunft net ze fäerte brauch. Lëtzebuerg an eis Wirtschaft hunn Atouten, déi fir eist Land schwätzen an déi weisen, dass mir nach mat Zouversiicht an d'Zukunft kucke kënnen. Den Emile Calmes huet nei Pisten an der wirtschaftlecher Diversifikatioun opgelëscht. Hien huet gewisen, wou eise Stat op der Dépensesäit laangfristeg kann Aspuerunge virhuelen, an hien huet gewisen, dass mir Chancen hunn, déi et gëllt ze notzen an dann auszebauen. Dofir nach eng Kéier: Merci fir den exzellente Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aus menger Introduktioun konnt Dir schonn eraushéieren, dass ech mech wëll elo op d'wirtschaftlech Diversifikatioun konzentréieren, an dann op d'Klengan d'Mëttelbetriber, fir nach eng Kéier ze weisen, wou hinnen de Schong dréckt.

Ech hat scho virun zwee Joer op dëser Tribün, wéi mir nach vu wirtschaftlech exzellente Prognose konnten ausgoen, gewarnt, dass et net ëmmer esou virugoe kënnt. Beem wuessen net an den Himmel, och net zu Lëtzebuerg. Ech hat ugedeit, an ech zitéiere mech selwer, dass een ni däerf vergiessen, dass déi lëtzebuergesch Wirtschaft stänneg ënnert dem Afloss vun deem steet, wat sech an eisen Nopeschlänner deet. Lëtzebuerg ass net immun géint den Trend, dee sech op den internationale Mäert weist.

Lëtzebuerg ass, wéi de Statsminister gesot huet a wéi mir all wëssen, keng Insel, déi autark lieft a courageiert géint den internationale Stroum kéint uschwammen. Mir hunn dat missten agesinn, och wann d'Verlangsamung vum Kurs sech e bësselche méi spéit, wéi an deenen anere Länner bemierkbar gemaach huet. Trotzdeem, de Budgetsrapporteur huet et ervirgehuewen, op Basis vun deem, wat onsen initiativräiche Wirtschaftsminister dauernd beweist, Lëtzebuerg ass nach ëmmer kompetitiv. Mir brauchen eis net ze verstoppen.

Eleng déi vill auslännesch Betriber, déi sech bewosst hei zu Lëtzebuerg nidderloossen, ënnersträichen d'Attraktivitéit vun eisem Land. Entgéint den Aussoe vun der LSAP, an haaptsächlech deene vum viregte Wirtschaftsminister, deen an dësem Beräich gären als Porte-parole vu senger Partei optrëtt, mä ëmmer méi Kassandra spillt, sinn an de leschte Joren eleng 28 nei ekonomesch interessant Aktivitéiten oder Entreprisen op Lëtzebuerg komm. Et ass scho gesot, mä et deet ëmmer gutt ze héieren, dass dat eleng en Invest vun iwwer 130 Milliounen Euro bedeit, mat minimum 720 neien Aarbechtsplazen.

An dësem Kontext, Här President, gëllt et niewent de Beméiungen, fir nei Aktivitéiten oder Entreprisen op Lëtzebuerg ze kréien, och déi Entreprisen, déi schonn zu Lëtzebuerg sinn, déi sech etabléiert hunn, déi ugefaangen hu Wuerzelen ze schloen, ze bewegen, zu Lëtzebuerg ze bleiwen an hei weider ze investéieren. E ganzt rezent Beispill sinn zwou Konventiounen, déi de Wirtschaftsminister mat der Entreprise International Electronics and Engineering den 2. Oktober ënnerschriwwen huet. Dës Entreprise, déi sech op d'Hierstellung vun elektroneschen Autobestanddeeler spezialiséiert huet a 660 Leit zu Lëtzebuerg beschäftegt, huet sech verflicht an zwee Projeten am Beräich vun der Recherche an dem Développement ze investéieren, eng Kéier mat 400 Milliounen Euro, an an engem zweete Projet mat iwwer 8,4 Milliounen Euro.

Fir dann awer, Dir Dammen an Dir Hären, elo hin ze goen an ze behaapten et wier näischt geschitt, ech mengen, dat ass e staarkt Stéck. D'Beméiungen, fir nei Investisseuren ze fannen, si mondialistesch ginn. Ech wëll nach eng Kéier ervirhiewen - an de Paul Helminger ass den Owend bei eis -, dass wéi hien am Ausseministère war, war hie mat senger Virreiderroll deemools bekannt ginn, dass hien iwwerall nei Entreprisë siche gaangen ass am Intérêt vun eisem Land. Eis Wirtschaft huet déi Zäit, niewent der Sidérurgie, ugefaangen ze boomen.

Den Henri Grethen geet deeselwechte Wee. D'Distanze si méi kleng ginn, well et fiert sech momentan méi einfach zwëschent de Kontinenter. Déi mondialistesch Beméiunge vum Henri Grethen richte sech no Amerika an Asien. Et gëtt nei Initiativen aus dem Mëttelmierraum, wéi zum Beispill Israel. Dann no Norde mat Finnland a Schweden. De Wirtschaftsminister mécht seng Prospektiounsreesen, andeem hie konsequent, wéi och virdrun de Paul Helminger, een Zil verfollegt: Eist Land als en attraktiivt Land duerstellen, wou et sech lount ze investéieren. Déi nei Broschür, déi dem Henri Grethen säi Wirtschaftsministère ausgeschafft huet, gëtt international héich gelueft a wéinst hirem Professionalismus ervirgehuewen.

Här President, d'Regierung huet richteg erkannt, dass mir viru konsequent, ouni ze zécken a mat Wäitsiicht an innovativ Zukunftsbranchë mussen investéieren. De Budgetsrapporteur huet der e puer opgezielt. Ech wëll just eng nach eng Kéier ervirhiewen, dat sinn d'Biotechnologien. Mir wëssen, dat ass e ganz kriddelegt Thema. Erënnere mer eis un d'Gewëssensbëss, déi an der Chamber ausgedréckt gi si bei der Debatt iwwert de Projet de loi, deen d'Transpositioun vun der Direktiv iwwert d'Protection juridique des inventions biotechnologiques sollt erméiglechen. Mä deen, deen dem Henri Grethen bei der Ouverture vun der Foire gutt nogelauschtert huet an deen, deen dem Mill Calmes säi Budgetsrapport gutt gelies huet, fënnt an dëser Ried an an dësen Texter genuch Passagen, déi net nëmmen op deen delikaten Ëmgang an dësem Domän hiweisen.

Et héiert ee kloer eraus, dass et falsch a souguer ganz gefäierlech fir Lëtzebuerg wär, wa Lëtzebuerg sech géif dëser Branche mat Zukunftsperspektiven einfach verschléissen. Et besteet Diskussiounsstoff, mä et gëllt eng roueg, sachlech an objektiv Diskussioun ze féieren, fir ofzesécheren, dass dësen Zuch net laanscht Lëtzebuerg fiert, an dass mir einfach mam Fanger am Mond op der Gare stoe bleiwen.

Souguer d'LSAP huet dëst erkannt an ënnerstëtzt d'Majoritéit bei hiren Efforten an dësem Domän, andeems d'LSAP an hirem 21-Punkteprogramm eng vun hire Prioritéiten op d'Biotechnologie leet. Insgesamt - an dës Remarque wëll ech mer erlaben, Här President - liest sech praktesch de ganzen 21 Punkteprogramm vun der LSAP, wéi e wonnerbaren Ënnerstëtzungsbréif säitens der gréisster Oppositiounspartei un d'Wirtschaftspolitik vun der Regierung. Si rennen oppen Dieren a wëllen en treie Wegbegleiter si vun der Regierung um Wee vun der wirtschaftlecher Diversifikatioun.

Ech si frou, Dir Hären, an Dir Dammen vun der LSAP, fir Är Ënnerstëtzung. Duerch Äre Pabeier hutt Dir eis bewisen, dass mir als Majoritéitsvertrieder um richtege Wee sinn. Amplaz Politgerangel ze féieren, sollen och d'Oppositiounsvertrieder als responsabel a wäitsiichteg Politiker - an dat halen ech vun lech - déi gutt Punkte vun der Regierungspolitik ëmmer mat droen.

***(Interruptions)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dir maacht dat esou gutt, dass mir dat net brauchen ze maachen.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Ech kënnt heizou nach vill Beispiller nennen, wéi de Commerce électronique, eng nach méi aktiv Roll vun der SNCI…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Sot eis nach just, wéi et mat der globaler Gehälterrevisioun ass.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- ..., déi schonn en Topinstrument fir d'Betriber ass oder d'Moossnamen, déi am Kadergesetz iwwert den Développement an d'Diversification économique vun 1993 enthale sinn, e Gesetz, wat am Joer 2000 modifizéiert ginn ass.

Mä, ech kommen elo zum zweete Volet vu menger Interventioun, zu de Kléng- a Mëttelbetriber, well Här Mehlen, d'DP huet de Mëttelstand net vergiess an dat wësst Dir, well ech hu scho wéi vill Mol hei mat lech doriwwer geschwat. Ech war net ëmmer mat lech d'accord, mä sot wann ech glift net, dass d'DP net méi fir de Mëttelstand do stéing. Dir wësst, dass dat falsch ass.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Da frot den Här Grethen, wat hie mat senger komescher Ausso wollt soen.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Ech wëll op dëser Plaz direkt e falsche Reproche zréckweisen, deen un d'Regierung geriicht gouf, wéi de Budgetsprojet un déi nei Situatioun ugepasst ginn ass. Ech widderhuelen nach eng Kéier: Den Investitiounsniveau bleift - an dat muss ënnerstrach ginn - nach wie vor héich. Mir hunn ee vun den héchsten Investitiounsbudgete vu sämtlechen europäesche Budgete vun deene 15 Länner. Dat muss ervirgestrach ginn. Och gëtt weder un der Steierreform nach un de Renten- a Pensiounsupassungen geréckelt oder gefréckelt. Den Index bleift bestoen an de Mindestloun, d'Renten an d'Pensioune gi weiderhin un d'Evolutioun vum Lounniveau ugepasst.

Ech mengen, d'Marschroute ass ganz kloer: Mat der Steiersenkung sollen engersäits d'Betriber entlaascht ginn, fir dass Lëtzebuerg weiderhin hir Attraktivitéit behält an der derbäi gewënnt, fir hei ze investéieren. Anerersäits sollen d'Loun- an d'Rentenupassungen de Konsum ënnerstëtzen an ukuerbelen. De Konsum - dat wësse mer alleguerten heibannen - ass niewent dem Investissement de Motor vun all Ekonomie.

A puncto Steierpolitik, Här President, géif ech nach gär e klengen Zousaz maachen. Et ass schued, dass den Här Boden elo net méi hei ass, mä hien huet et scho vun anere Säite gehéiert: D'Chambre des Métiers huet kloer drop higewisen, dass nieft de positiven Effekter, déi d'Steierreform fir d'Betriber bedeit huet, d'Adaptatioun vum Artikel 152bis vum LIR (loi de l'impôt sur le revenu) iwwert d'Bonification d'impôt pour investissements e weidere Schrëtt kënnt sinn.

Dës Beruffskummer mécht eng Rei Propositiounen, déi eng Iwwerleeung wäert wären, wéi zum Beispill - an ech wëll et dann elo nach eng Kéier soen, well virdrun zwëschent dem Här Clement an dem Här Henckes Wierderdifferenze waren, well et extrem komplizéiert formuléiert ass - den Taux de bonification pour investissements complémentaires - an et ass dat Wuert vu „complémentaire", wou Dir lech virdrun zerstridden hutt a wat Dir falsch interpretéiert hutt - op 12% ze refixéieren. Gläichzäiteg, wat primordial ass, muss d'Base d'assiette vun den éligiblen Investissementer erweidert ginn. Et huet kee Wäert den Taux ze refixéieren, wann dat anert net kënnt. D'Logiciellen, d'Professions libérales an d'Biens usés mussen drakommen an esou weider. Et huet nämlech kee Wäert, wa mer nëmmen iwwert den Taux streiden, wann d'Assiette net élargéiert gëtt, da komme mer net virun.

Här President, wann et méi lues geet, an ech mengen, ob et elo eis Dammen sinn, déi de Stot féiere mussen, oder eis Hären, déi sech mat Momenter och wëlle Saache leeschten, do gëllt eng Fauschtregel.

***(Interruptions)***

Dat soen ech lech herno.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dat do ass eng komesch Rolleverdeelung. Ech mengen, Dir sidd net ëmmer an der Commission de l'égalité des chances.

***(Hilarité)***

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Ech soe mir dat heiansdo, well wann d'Rolleverhältnis ëmgedréint ass, da mécht et heiansdo Spaass, fir d'Rolleverhältnis erëm op déi gutt al Manéier erëm hierzestellen.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Dat deet gutt.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Jo, wonnerbar.

Här President, wann et méi lues geet, da gëllt eng gëlle Fauschtregel: Roueg, sachlech, mä konsequent mat der héijer Investitiounspolitik virufueren. Géigesteieren an der Stréimung, antizyklesch steieren, an dat duerch geziilt Investitiounen, prioritär an der Bildung an an der Formatioun, a prioritär an determinéierten Infrastrukturen. Wann een a méi delikaten Zäite richteg investéiert, kommen déi positiv Effekter, wann d'Flaut eriwwer ass. Dann hu mir déi néideg Infrastrukturen an Instrumenter, wann d'Konkurrenz nees voll spillt. Dann hu mer eng Avance. Da si mer am Peloton de tête, wann d'Ekonomie erëm voll leeft.

Här President, ech hu scho gesot, mä ech wëll et widderhuelen: Ouni all dës Moossname wieren d'Auswierkunge vun der niddreger Konjunktur héchstwahrscheinlech nach méi spierbar hei zu Lëtzebuerg. D'Regierung huet et erkannt an ech ënnerstëtzen hir Haltung, fir aussergewéinlech Belaaschtunge vun eiser Ekonomie de Moment net virzehuelen. An dësem Sënn ass d'Entscheedung richteg, nieft dem Ajustement vum Mindestloun vun 3,5% dëse Moment keng weider aussergewéinlech Upassunge vum Mindestloun virzehuelen, esou wéi se vun der sozialistescher Partei gefuerdert ginn, an zwar 7%.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dir spuert ëmmer op deene Klengsten.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Guer net.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Sot eis emol, wéi et mat der globaler Gehälterreform ass, déi bei de Fonctionnairen ugekënnegt ginn ass.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Dir sidd total am falsche Film, Här Di Bartolomeo, mir schwätze vun eppes anescht.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dat verstinn ech, dass Dir elo vun eppes aneschters wëllt schwätzen, wann de Premier seet, dass eng vun deene grousse Reformen, déi déi Liberal wollte maachen, einfach sine die fort ass.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här Di Bartolomeo, ech schwätze vum Mëttelstand.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Jo, an ech schwätze vun der Fonction publique.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Da musst Dir Äre Frust iergendwou anescht ausdroen, mä net während ech hei iwwert de Mëttelstand schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- De Statssekretär kann eis et herno soen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, loosst dach d'Madame Beissel schwätzen an déi aner sollen nolauschteren. Dat do huet jo kee Sënn.

***(Interruptions)***

Mme Simone Beissel *(DP)*.- D'sozialistesch Fuerderung - an ech schwätzen net vun de klenge Leit, Här Di Bartolomeo, lauschtert gutt - géif virun allem eis Kléng- a Mëttelbetriber an engem ze groussen Iwwermooss belaaschten a géif haaptsächlech op Käschte vun der Ofsécherung a vum Schafe vun neien Aarbechtsplaze goen.

Här President, an enger duerchduechtener Diversifikatiounspolitik spillt de Mëttelstand eng ausschlaggebend Roll. Eng Roll, an dat ass schonn ugeklongen...

***(Coups de cloche de la Présidence)***

...bei menge Virriedner, där nieft dem néidegen Esprit d'entreprise eng qualifizéiert Main-d'oeuvre zur Verfügung stoe muss.

Den Avis vun der Chambre des Métiers, deen exzellent ass, well hien dës Problematik an all sengen Tenanten an Aboutissanten auserneen hëlt - ech ralliéiere mech an där Hisiicht un de Lucien Clement, deen déi ganz Detailer do beliicht huet - kënnt zur Konklusioun, dass d'Efforte vun all deene betraffenen Acteuren, wéi dem Ministère de l'Education, der ADEM an den Entreprisë selwer, zu engem Wuesse vun der Zuel vun de Schüler am Apprentissage artisanal bäigedroen hunn. Trotzdeem, an dëst bedauert d'Chambre des Métiers, huet den Interesse vun de Schüler fir dëse Bildungswee säit dem Schouljoer 2000-2001 liicht nogelooss.

D'Beruffskummer huet sech Gedanke gemaach, an dat ass déi Iddi, déi schonn ervirgehuewe ginn ass, fir den Apprentissage artisanal ze valoriséieren, en neie System vum Apprentissage-emploi anzeféieren. E Modell, deen den Apprentissage du métier an d'Mise au travail kombinéiert mat aktive Primen, bis zur Héicht vum Mindestloun, mat enger besserer Modulatioun vun den Horairen,

mat méi Gewiicht op der Praxis am Interesse vum Succès, vun der Réussite vun de Schüler. Si solle Perspektive kréien eng Carrière opzebauen a sech hiert Liewe verdéngen ze kënnen.

Här President, mir hunn op den Dag haut dëst Joer 511 Failliten. Do derbäi sinn u sech nëmmen „39 Handwierksbetriber", dat si 7,6%. Et si wuel 7,6% zevill.

Fir d'Failliten ze bekämpfen - ech wäert mech kuerz faassen - ass schonn ugeklongen, datt d'Formatioun vun de Patronen a Chefs d'entreprise a Saache Betribsféierung e Garant ass fir de spéidere Succès am Beruffsliewen an d'Iwwerliewe vun der Entreprise. Dann de Problem vum Retard de paiement, esou gutt vun den normale Clienten, heiansdo awer och vu Säite vun der öffentlecher Hand.

Mir kennen déi leideg Situatioune vun de Betriber, déi ganz oft an eng Noutlag komme vis-à-vis vun dem Enregistrement, vun de Steieren, der Sécurité sociale, dëst obwuel se eigentlech op der Passivsäit Réckstänn ze bekloen hunn. D'Chambre de Commerce zitéiert eng Etüd vun der Europäescher Kommissioun, d'ailleurs och d'Chambre des Métiers, an där ganz kloer bewise gëtt, dass vu véier Insolvenzsituatiounen eng op d'mannst duerch Retards de paiement verursaacht gëtt.

D'Chambre des Métiers beklot sech dann och, dass e Retard ass an der Ëmsetzung vun enger entspriechender EU-Direktiv, fir dësem Mëssel opzehëllefen. Ech zitéiere ganz kuerz aus deem Avis, wou d'Chambre des Métiers zur Transpositioun vun där Direktiv seet: „La lutte contre le retard de paiement dans les transactions commerciales aura pour effet de diminuer le nombre de faillites au Luxembourg".

De Problem vun de Privilegien hu mer scho jorelaang hei opgelëscht. D'Handwierksbetriber haaptsächlech, déi jo meeschtens einfach Créanciers chirographaires sinn, ginn haut bal zu 100% eidel aus. Si hu keng Chance fir ee Su an enger Faillite erëmzekréien. Dat verlaangt onbedéngt eng nei Iwwerkuckung vun de Privilegien. Doniewent - an de Kolleeg Mehlen huet et gesot - muss de Parquet économique drastesch opgestockt ginn, well d'Zuel vun de Faillites frauduleuses hëlt an engem Mooss zou, dass et absolut net méi akzeptabel ass. Doniewent mussen eis jonk Curateuren onbedéngt forméiert ginn. Si hu grouss Responsabilitéit a mat Momenter si se wierklech net gewappnet, fir déi grouss technesch mä och mënschlech Problemer ze meeschteren.

Une voix.- Elo hutt Dir gutt geschwat.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här President, eis PMEe leeën nach Schwéierpunkten op e puer aner Problemer, an zwar och back to basics bei de PMEen. An anere Wierder heescht dat d'Opwäertung vun de Secteurs enracinés, dat heescht, eise Lëtzebuerger traditionelle Betriber, déi verwuerzelt sinn an op eng reell wirtschaftlech Conterpartie opgebaut sinn, an net op spekulativ Loftblosen. Zweetens, gëtt et wierklech allerhéich Zäit, dass d'Loicadre vun de Classes moyennes, déi aus dem Joer 1968 staamt, endlech vu Grond op iwwerholl gëtt.

De Wëlle fir eng Reform ass jo do, leider huet en awer zu enger gewëssener Konsequenz bei de PMEe gefouert. Esou schreift d'Chambre des Métiers an deemselwechten Avis - an dat ass ganz grave: „L'intention de réfomer la loi-cadre a eu pour conséquence directe le gel complet des règles d'appréciation et d'éligibilité des investissements dans le cadre de l'application de la loi-cadre existante, sous prétexte qu'il faudrait attendre la réforme de la loi en question avant d'entamer toute modification dans les „errements administratifs" appliqués par la commission technique en place." Dat heescht: D'Gesetz ass nach net do, an en attendant geschitt näischt. Alleguer d'Aidë sinn an där Hisiicht agefruer ginn. Dat ass e ganz seriöse Problem fir d'Betriber, haaptsächlech fir déi kleng Betriber.

Fir de Mëttelstand ass déi feelend Adaptatioun, säit elo méi wéi zwee Joer vun den Instruments de soutien financier aux investissements schwéier ze droen. Eis kleng Betriber, haaptsächlech eis Familljebetriber, ginn an hirem wirtschaftlechen Developpement gebremst. Ech huelen zum Beispill - an dat ass och scho bei de Kolleegen ugeklongen - d'Betriber aus der Liewensmëttelbranche: d'Bäckeren an d'Metzleren, déi awer eng extrem wichteg Roll ze spillen hunn, well si d'Garante vum Commerce de proximité sinn. Si garantéieren d'Liewensqualitéit vun de Leit. Si hu Schwieregkeeten, fir déi Investissementer duerchzezéien, zum Beispill, fir sech un déi berühmte Regele vum HACCP ze adaptéieren.

Här President, d'Zäite sinn net méi esou gutt, wéi Lëtzebuerg dat gewinnt ass, mä ech mengen, et gëtt kee Grond zur Panik. Mir besëtzen déi néideg Instrumenter, fir eis Betriber um Lafen ze halen, fir dass si, wann d'wirtschaftlech Kurv erëm eng Kéier no uewe weist, d'Moyenen hunn, fir national an international direkt erëm mat der Konkurrenz matzezéien. Et läit un eis, fir déi Instrumenter gezielt a mat Viraussiicht anzesetzen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Här President, ech hu Fiduz an d'geballte Kraaft an an d'Synergien tëschent der Politik an der Lëtzebuerger Wirtschaft an de Finanzen, fir dës Duuschtstreck ze packen. Dofir wäert ech dëse Budget och stëmmen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fred Sunnen agedroen.

***(Interruption)***

D'accord, Dir hutt matenee getosch. Dann huet den Här Alexandre Krieps d'Wuert.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Hären, tous pour un, un pour tous. Déi Devise vun den « Trois Mousquetaires » vum Alexandre Dumas kéint een op dëse Budget 2003 applizéieren, well et ass e Budget vun der Solidaritéit no bannen a vun der Solidaritéit no baussen.

De Statsminister Juncker huet mat Recht betount, dass dës Politik bis un d'Enn vun dëser Legislatur virugefouert gëtt. Hien huet a senger Ausso keen Zweifel opkomme gelooss, dass net un de Sozialausgabe gefréckelt géif ginn, net un den educative Budgeten an och net, wéi d'Kolleegin Beissel gesot huet, un den héijen Investitiounsausgaben. De Statsminister Juncker huet widderholl, dass déi sozial Schwaach virun ofgeséchert bleiwe wäerten, an dass och deenen Äermste weider ënnert d'Äerm gegraff gëtt. Weider huet hie gesot, dass an dëser Legislatur d'Steieren net an d'Luucht gesat ginn, an dass et onwahrscheinlech ass, dass den Index moduléiert oder ausgesat géif ginn.

D'Solidaritéit no baussen ass réaffirméiert ginn, sief et am Bezuch zur Kooperatioun, der Entwécklungshëllef, oder zu den internationale Verflichtungen. De Moien hate mer jo do eng kleng Polemik mat haarde verbalen Ausrutscher.

***(Interruption)***

Ech erënneren natierlech heiansdo un d'Tendenz, dass een an der Oppositioun dat anescht seet, wéi an der Majoritéit oder ëmgedréint. Ech schléisse keng Partei hei bannen vun där Feststellung aus.

En anere Punkt, deen ech ervirhiewe wollt: Mir hunn aus deenen Aussoen natierlech geléiert, Här Di Bartolomeo. Ech erënneren un dee Slogan vu virun de Wahlen am Juni 1984: „Fangeren ewech vum Index". De Premier huet lech jo d'lescht Woch drun erënnert, wéi hien als jonke Minister an deem Cabinet soutz, wou den deemolege sozialistesche Sozialminister vum OGB-L mat um Dësch war, dee sechs Méint no de Wahlen den Index moduléiert, anerer soe manipuléiert huet.

***(Interruption)***

Dat war am Dezember 1984, Här Di Bartolomeo. D'Demokratesch Partei ënnerstëtzt de Premier an deenen Aussoen, déi hie gemaach huet. Der Demokratescher Partei huet et zwar net gefall, wéi hie versicht huet op eemol de Rentendësch an den Eck vun de Stammdëscher ze réckelen, mä ech mengen, dat kann een och liesen, wéi ee wëllt. Alles an allem war et eng realistesch Bestandsopnam vun der Akommes- an Ausgabesäit vun de Statsfinanzen duerch de Premier Juncker.

Am Géigesaz zu eise sozialisteschen, gréngen an ADR-Kolleegen ass et deene meeschten hei bannen net ginn, fir d'Zukunft am Kaffissaz ze liesen oder an de Stären ze deiten. Mir wësse wéi schwiereg et ass, d'Riede vun den Tenore vun der Oppositioun zu dësem Budget ze bewäerten an dat aus onser laangjäreger Erfahrung op der Oppositiounsbänk. Natierlech ass et dem souveräne Wieler an dem mëndege Wieler iwwerlooss, deen net ee Budget ze appréciéiere kritt mä d'Aarbecht vun enger ganzer Legislatur, déi Aarbechten ze appréciéieren, awer déi Sanktioun wäerte mir net fäerten. De Kolleeg Fayot huet virdru gesot, hien hätt an der Héichschoulpolitik keng Krediterhéijunge kënnen ausmaachen. Ech mengen, dass 0,56%, dat sinn 1,5 Milliarden al Frangen, déi derbäi komm sinn, wat jo awer wierklech net näischt ass. Dat nämlecht gëllt fir d'CRPen, d'Centres de recherche publique.

Den Här Bausch huet seng Kritik vum leschte Joer hei widderholl a Bezuch zu enger ekologesch ausgeriichter Steierreform, a soss hat hien am Fong net genuch Hiewel, fir géint déi nei Steierpolitik vun dëser Regierung virzegoen. Dofir ass hie bei den Här Bush, den neie Buhmann, siche gaang.

Mir gleewen awer, dass de Gros vun onse Bierger déi do Vergläicher net gëlle léisst. Virun e puer Méint, an net Joren, war dee 700.000-Awunnerstat an alle Käpp present. Hu mer déi Ausso iwwerhaapt an dësen Debatten eng Kéier héieren? Ech weess et emol net.

***(Interruptions diverses)***

Neen, ech net, Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Wien huet dat dann an d'Welt gesat?

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Ech net, Här Fayot. Déi Notioun vun dem 700.000-Awunnerstat huet all déi Vollbluttegoisten op de Plang geruff gehat, déi hire Virgäertche verteidegt hunn. Ech hunn dat schonn eng Kéier hei op der Tribün gesot an ech gleewen, dass dat Konzept oder déi Blos, déi net méi ernimmt gi sinn, sech definitiv hei opgeléist hunn.

Une voix.- Eng Bulle.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Dat nennen ech eng Blos op lëtzebuergesch. Jo, eng Bulle.

Aner Kriticken, wéi d'Iwwerschätzunge vun de Statseinnahme si relativ onduerchsiichteg. D'Demokratesch Partei gleeft, dass d'Ausgabe vum Stat besser ze kontrolléiere si wéi d'Aschätzunge vun den Einnahmen. Folglech gëtt et wichteg erauszefannen - an dat ass de Mëtteg hei ugeklongen -, wat konjunkturell ass oder strukturell. Et gëtt een awer dobaussen d'Impressioun net lass, dass d'Informatiounstechnologië sech an enger éischter struktureller Rezessioun befannen.

Wat sécher ass, hannert deem kollektive Réckgang, deen hei definéiert ginn ass, an Termë vun 1 bis 3%, also de finanziellen Impakt op de Budget, soll een awer net de mënschlechen Impakt vergiessen. Hannert der Aarbechtslosegkeet soll a muss ee sech all déi eenzel Schicksaler virstellen: honnerten, vläicht dausende Matbierger, ëmmer méi jonk Leit, Leit mat klenge Kanner, déi ganz laang wäerte brauche bis se erëm eng Plaz fannen.

Déi liichtfankeg Propositiounen iwwer Aarbechtszäitreduktiounen oder sechs, siwen, aacht Woche Vakanz am Joer, sinn eis an dëser Debatt glécklecherweis erspuert ginn, well dat ass gewéinlech keng Léisung. Jiddferee weess mëttlerweil, dass den Aarbechtsmaart vun esou Mesure wéineg influenzéiert gëtt, ausser dass e subventionéiert Plaze schaaft.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Wëllt Der och an d'Regierung?

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Neen, ech hunn net déi Ambitiounen, Här Weiler. Dat ass dat, wat mech vun lech ënnerscheet.

***(Hilarité)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dir sidd amgaang lech erëmzekafen.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Mengt Dir, den Här Weiler wéilt eng Kéier an d'Regierung kommen, Här Krieps?

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här Fayot, Dir an ech, mir zwee hunn net vill Chancen.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Loosst mech elo emol weider schwätzen!

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Jo, mä Dir sidd no bei him an der Regierung.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Oft si mir no beieneen. Mir verstinn eis ëmmer besser. Ech muss dat scho soen.

***(Hilarité)***

Fir op den Imaginaire vum Alexandre Dumas zréckzekommen,...

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Et gëtt esou lues Zäit, Här Krieps.

***(Hilarité)***

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- ...erënneren ech un eng Ausso vum President Chirac virun zwou Wochen, wéi d'Iwwerreschter vum Dumas an de Panthéon iwwerdroe gi sinn. De President Chirac huet eppes gesot, wat mer gefall huet, dass jiddfereen an der Gesellschaft - hien huet sech natierlech op den Dumas bezunn - eng gerecht Plaz fannen oder erreeche kann duerch dräi Dugenden: Aarbecht, Talent a Mérite.

Ech mengen, dat ass eng Ausso, déi jiddfereen ënnersträiche kann, speziell an Zäiten, wou d'Géisskann eidel ass, wéi dat jo momentan de Fall ass, an d'Demokratesch Partei wäert drop bestoen, dass d'Aarbecht an de Mérite honoréiert ginn. Et ka jo net sinn, dass déi Leit, déi ënnerstëtzt ginn, ënnert dem Strëch méi erauskréie wéi déi, déi schaffe ginn. Ech mengen, dat wär eng Hausaufgab, och an Zukunft, fir dass déi Proportiounen erëm hiergestallt ginn.

D'Demokratesch Partei steet nach wie vor - wat mer schonn ëmmer hei soen -, fir eng leeschtungsbezunne Solidaritéit an der Schoulpolitik an an der sozialer Ofsécherung. Hei ass oft op d'Wahle vun 2004 higewise ginn, an et sinn der Regierung an hirer Majoritéit am Parlament immens vill Procès d'intention gemaach ginn, elo an de leschten Deeg, wat d'Budgete vun 2004, 2005 a souguer vun 2006 uginn.

Ech wär frou, wann och d'Oppositiounsparteien an hire Grondsätza Wahlprogrammer, kloer an däitlech, wéi de Statsminister drun erënnert huet, hir Steierpolitik fir no 2004 géifen definéieren. Zum Beispill, Här Di Bartolomeo, am Rapport zu der Ierfschaftssteier an der Breet vun der Assiette vun de Cotisations sociales.

***(Interruption)***

Neen, ech froen lech dat. Dir hutt jo och ëmmer Froen un ons. Ech stellen lech déi Fro. Ech ginn lech déi mat op de Wee.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Ech hunn herno eng besser un lech.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- D'Oppositioun huet sech an de leschten Deeg hei vill Méi ginn, fir d'Lag vum Budget a vum Land no der Méthode Coué, esou schwaarz wéi méiglech ze molen. Et ass, wéi ech scho gesot hunn, de bonne guerre: Mir waren och schonn an der Oppositioun!

Speziell ons Oppositiounskolleegen aus der sozialistescher Partei leiden, wa se an der Oppositioun sinn, un esou enger Krankheet, déi nennt ee Sinistrose. Soubal se erëm an der Regierung sinn, geet et hinne vill besser - ons geet et och esou - a se vergiessen direkt en Deel vun hire Wahlversprieche. Dofir, ech wollt lech drun erënneren.

***(Hilarité)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- De Statssekretär schuddert sech schonn.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Här Gibéryen, mir vergiessen lech och net déi nächst 18 Méint.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- De Statssekretär muss geschwënn an de Privatsecteur schaffe goen.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Mir mussen awer agestoen, dass mer enttäuscht si vun deene laange Katalogfuerderunge vun der Oppositioun. Hei muss een zwar soen, dass eng grouss Partei wéi d'LSAP, mat enger grousser Vergaangenheet - an do widderhuelen ech mech och hei op der Tribün -,...

Une voix.- An enger grousser Zukunft, Här Krieps.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Eng grouss Vergaangenheet, mengen ech.

***(Hilarité)***

...hir honnert Joer ganz digne gefeiert huet. Mir all félicitéieren dofir.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Et huet lech gutt gefall.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Jo, et war ganz gutt, muss ech scho soen.

Dir hutt vläicht eng Zukunft, wann der lech e bësse méi dem Bierger zouwennt, wéi Dir dat an Äre 15 Joer an der Regierung gemaach hutt. Leschten Enns kënnt Dir lech virstellen, dass ech awer nach eng Kéier en Appel maachen - wéi ech dat all Joer gemaach hunn -, wat d'Gesondheetspolitik ubelaangt, dass mir net nëmmen an de Betong, Här Di Bartolomeo, investéieren,...

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ganz richteg.

M. Alexandre Krieps *(DP).*- ...mä och an d'Fleegepersonal. Ech hunn dat schonn déi éischte Kéier, wéi ech hei geschwat hunn, gefuerdert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- An et ass nach ëmmer net geschitt.

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Inklusiv och an d'Medeziner. Alles dat kënnt onse Bierger laangfristeg zegutt. Dir sidd jo mat mer d'accord?

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Absolut.

***(Interruption)***

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Jo, den Här Colombera fungéiert hei als esou eng Blendgranat, hätt den Här Bodry gesot,...

***(Hilarité)***

...well dee vum Fong vun hirem Programm oflenke wëllt. Hie fungéiert als eng Blendgranat, an da kënnt Dir do hannendrun e puer Saache korrigéieren.

***(Interruption)***

Den Här Bodry wäert als fréieren Arméiminister lech erklären, wat eng Blendgranat ass.

***(Interruption et hilarité)***

Neen, ech wëll hei net als Ligener bezeechent ginn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Do gëtt et anerer.

M. Alexandre Krieps *(DP).*- D'demokratesch Fraktioun, ënnert dem Virsëtz vun hirem Chef, dem Jean-Paul Rippinger, seet nach eng Kéier dem Mil Calmes a senge Mataarbechter merci fir säi gudde Rapport. D'Demokratesch Partei dréckt dëser CSV/DP-Regierung hiert Vertrauen aus. Ech soen lech merci.

***(Hilarité et brouhaha général)***

Une voix.- Schéi Feierdeeg.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fred Sunnen agedroen. Den Här Sunnen huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Déi helleg Anna ass iwwer lech nidderkomm. Här Sunnen, d'Lat läit héich.

M. Fred Sunnen *(CSV).*- Här President, den Här Di Bartolomeo gëtt sech nach net. Hien huet éineschters erausfonnt, datt d'Televisioun do wier. Elo huet hie seng Metzerger bei menge Virriedner gemaach an ass scho bei de President erop komm.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dat war alles inhaltlech wichteg..

M. Fred Sunnen *(CSV).*- Probéiert elo, fir lech e bësse roueg ze verhalen. Et steet lech besser zu Gesiicht.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir wäert mech dach net fäerten, Här Sunnen.

M. Fred Sunnen *(CSV).*- Et ass engem President net würdeg, den Här Di Bartolomeo mussen nozeverfolgen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir sidd just jalous!

***(Hilarité)***

M. Fred Sunnen *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Budget 2003 huet, als eng vun de prioritäre Wäichestellungen de Verkéier, virun allem den Ausbau vum öffentlechen Transport. Ech wëll a menger Interventioun generell op dëse Volet agoen a mech dobäi op de Süde vun eisem Land konzentréieren.

Den Transportminister Henri Grethen huet an de leschte Méint gutt geschafft an eng Rei villverspriechend Pisten opgezeechent, déi et gëllt an deenen nächste Jore weider ze verfolgen, an dëst hin zu enger zukunftsfäeger an nohalteger Verkéiersinfrastruktur.

Trotzdeem sinn d'Weichestellunge vum Transportminister nach ze rezent, nach ze vill an de Kannerschong, fir elo scho grouss Konklusiounen ze zéien. De Minister huet eng couragéiert Politik ageschloen an déi ambitiéis Chantiere mussen elo mat aller Konsequenz virugedriwwe ginn. D'Analys vum Budget 2003 gëtt eis d'Geleeënheet, e puer Reflexiounen zu de virgeluechtene Konzepter unzestellen an e Point ze maachen iwwert dat, wat elo scho geleescht ginn ass an dat, wat nach verbessert gi muss.

Här President, de Regierungsrot huet den 22. Mäerz vun dësem Joer d'Ausaarbechtung vun engem Plan directeur sectoriel transport décidéiert, deen ënnert der Egide vun engem interministeriellem Aarbechtsgrupp, zesummegesat vu Vertrieder aus dem Bauten-, Innen- an Ëmweltministère, ausgeschafft gi soll. Dësen Aarbechtsgrupp huet éischt zeideg Friichten ervirbruecht, dëst a Form vun engem integréierten Verkéiers- a Landesentwécklungskonzept, kuerz IVL genannt.

Dat Konzept versicht nei Weeër ze goen, andeems et d'Nohaltegkeet, d'Planifikatioun vu groussen nationale Projeten am Beräich vum Verkéier, der Ëmwelt, der Raumuerdnung an dem Logement an de Mëttelpunkt stellt. De Plang orientéiert sech doriwwer eraus un deem, wat et u Verkéiersinfrastrukture scho gëtt, fir déi Lescht engersäits optimal auszenotzen an anerersäits als Basis ze huelen, fir d'Infrastruktur op eng nohalteg Aart a Weis auszebauen. Et kann ee sech d'Fro stellen, ob een net niewent dem nationale Plang fir den Transport elo nach een an d'Liewe ruffe soll, dee sech méi spezifesch mam Süde vun eisem Land ausernanersetze soll. Et ass gewosst, dass sech virun allem fir de Süden am Verkéiersberäich vill Froen stellen, déi nëmmen a globalen Zesummenhäng kënnen duerchduecht a realiséiert ginn. Ech sinn awer net derfir, e spezielle Südplang ze erstellen, wéi dëst scho vum verkéierspolitische Spriecher vun der LSAP-Fraktioun ugereegt ginn ass.

Déi national Transportpolitik dierf sech net als en nationale Patchwork verstoen, mä éischter als en Défi, deen all Regioune vum Land ugeet, grad esou wéi d'Nopeschregioune vum Grand-Duché, dëst virum Hannergrond, datt mer an den nächste Joren nach e verstäerkten Zouwuess un Aarbechtskraaft aus dem noen Ausland kréie wäerten. Dofir mussen eis Nopeschregioune mat an d'Beméiungen agebonne ginn, fir en integréiert Verkéierskonzept auszeschaffen. Déi Fro, déi ech mer stellen, an ech stellen se als Buergermeeschter vun enger Gemeng, déi vun där Verkéiersthematik am Süden onmëttelbar betraff ass: A wat fir engem Mooss ginn d'Gemenge bei der Ausschaffung vun engem integréierte Verkéiers- a Landesentwécklungskonzept bedeelegt?

Et ass kloer, dass sech déi national Interessen a Froe vun der Transportpolitik an der Landesentwécklung net lokalen, kommunalen a partikularen Interessen ënnerwerfe wäerten. D'Reiefolleg vun engem Projet soll déi sinn: Et gëtt e Projet ausgeschafft a presentéiert, da kënnt eng Phase de dialogue et d'information an dann eréischt ginn d'Décisioune geholl.

***(Interruption)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech hat mech gewonnert, si waren amgaange rout ze ginn.

M. Fred Sunnen *(CSV).*- Dir gesitt, wéi frou den Här Di Bartolomeo ass, dass hien elo fënnt, dass d'CSV rout gëtt.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Majo, Är Zäit ass ofgelaf.

M. Fred Sunnen *(CSV).*- An hiren Aussoe seet se oft Saachen, déi besser si wéi déi vun de Rouden.

(Interruptions)

M. le Président.- Déi 35 Minutte Riedezäit vun de Motioune ginn op de Kont vun der Discussion générale eriwwergegeholl.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ganz gutt.

M. le Président.- Dat hu mir och scho bei anere Geleeënheete gemaach.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Et ass net schlëmm, Här President, da leeft seng Zäit eben eréischt an annerhalwem Joer of.

M. le Président.- Loosst, wann ech glift, den Här Sunnen schwätzen, well wann Dir hien ëmmer nach ënnerbriecht, wat et ëmmer méi laang dauert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir sinn domat averstanen, datt den Här Sunnen seng Ried ka fäerdeg halen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Jo, mir och.

M. Fred Sunnen *(CSV).*- D'Politik muss Entscheedungskompetenze behalen an net an d'Ofhängegkeet vu Biergerinitiative geroden. Et ass awer op där anerer Säit grad esou noutwenneg, d'Gemenge mat an den Dialog anzebannen, se iwwert d'Planifikatioun vun de Projeten an iwwert déi jeeweileg Ëmsetzungsetappen ze informéieren an Opklärung ze bedreiwen.

Dëst trëfft virun allem um Niveau vum Stroossebau zou. Et constituéiere sech ëmmer méi Biergerinitiativen an eisem Land, déi hirem Onmutt wëlle Loft maachen a sech net mat der Démarche averstane weisen, wéi dës Projeten ugepaakt ginn. Dëst ass zum Deel op eng falsch Informatiounspolitik zréckzeféieren. Et ass dofir noutwenneg, den Dialog mat de Gemengen an de Bierger ze sichen a se iwwert déi eenzel Projeten opzeklären.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Süde vun eisem Land soll duerch d'Reconversioun vun de Frichen erëm e grousst Gewicht an der Wirtschaft, der Fuerschung, der Héichschoulstruktur an um Gebitt vum Logement kréien. Et kann een also ouni Zweifel vun enger Valorisatioun vun dëser Regioun schwätzen. D'Frichen offréieren e grousst Potenzial un Aarbechtsplaze fir Leit aus dem In- an dem noen Ausland a wäerten, wéinst deem nei geschafene Wunnraum, méi Leit an de Süden unzéien.

De Minett kann domat eng Modellfunktioun iwwerhuelen, déi sech op aner Regiounen an eisem Land répercutéiere kann. D'Minettregioun kann och Modellcharakter a Saachen zukunftsfäeg Transportpolitik fir eist Land iwwerhuelen. Et leien nämlech eng ganz Rei Erausfuerderunge virun eis, déi sech net ausschliesslech op d'Reconversioun vun den Industriebrooche bezéien, mä déi sech op eng Rei aner Facteure konzentréieren. Et ass dat engersäits d'Uwuesse vun der Aarbechtskraaft aus der franséischer Grenzregioun an anerersäits dee, par rapport zum Rescht vun eisem Land, relativ schwaachen Taux vun der Notzung vum öffentlechen Transport. Ofgesi vun de grenziwwerschreidende Mouvementer, mécht de motoriséierte Verkéier op lokalem Plang een Drëttel aus. En aneren Drëttel beweegt sech innerhalb vun der Südregioun. Heimat mengen ech den interkommunale Verkéier. Dee leschten Drëttel betrëfft de Verkéier mat anere Regiounen am Land, an dat an der Haaptsaach mat eiser Stad Lëtzebuerg a senger Périphérie.

Läit de Modelsplit zwëschent dem öffentleche Transport an dem Transport mat privaten Autoen nach landeswäit bei 14 Prozent, esou läit dësen am Süde bei 12,6 Prozent. Also sinn dem Transportminister seng landeswäit uviséiert 25 Prozent am Süden nach e bësse méi ambitiéis wéi am Rescht vum Land. Dobäi kënnt nach, dass d'Frontalieren nëmmen zu aacht Prozent den öffentlechen Transport notzen, fir op hir Aarbechtsplaz ze kommen. Dat heescht am Klortext, dass sech den öffentlechen Transport doubléieren a fir d'Frontalieren aus der Lorraine, déi haut bei engem Chiffer vun ongeféier 39.500 leien, verdräifache muss.

Wéi scho virdrun erwähnt, geet et an dësem Kontext also och ëm d'Noutwennegkeet, déi ugrenzend Regioune mat an dat Konzept ze integréieren. Louthrenge liwwert beispillsweis 40 Prozent vun de Frontalieren, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen. D'Lorraine huet eng héich Bevölkerungsdicht an e bessert a méi ausgedehnt Eisebunnsnetz, wat gutt un d'Lëtzebuerger Netz ugebonne kéint ginn. Dofir ass et noutwenneg a sënnvoll, fir mat de louthrengeschen Autoritéiten zesummenzeschaffen, fir dës favorabel Atoute mat anzebezéien.

Do, wou d'Abannung net esou gutt ass, ech denken hei u Rëmeleng an un de Keeldall, wou all Dag ëmmerhin 8.000 Leit eriwwerkommen, muss d'Infrastruktur verbessert an Opfangparkingen op der franséischer Säit geschafe ginn. An dësem Kontext stellt sech d'Fro, wéi et ëm den Dialog an d'Zesummenaarbecht mat der SNCF bestallt ass an awéifern déi concernéiert Autoritéite mat an d'Beméiunge un engem Konzept fir den Trafic am Süde vu Lëtzebuerg, virun allem um Niveau vum öffentlechen Transport, agebonne ginn. Ech hat et virdru scho gesot: Mir brauche virun allem e globaalt Konzept, wat sech engersäits der steigender Unzuel vun der Maind'oeuvre an anerersäits enger ëmmer méi grousser Populatioun am Süden unhëlt.

Mat Bléck op d'Frichen am Süde muss d'Offer vum öffentlechen Transport esou agencéiert ginn, dass sech d'Industriebroochen dran integréieren an d'Infrastruktur de Leit gerecht gëtt, déi sech dagdeeglech ëm d'Frichë beweege wäerten. D'Eisebunn spillt eng Haaptroll an dësem Szenario. De Strategiepabeier „mobilitéit.lu" gesäit an de kommende Jore bis 2020 Investissementer am Beräich vun den Eisebunnsinfrastrukture vu bal dräi Milliarden Euro vir, wouvun e Groussdeel an de Réseau am Süde vun eisem Land fléissen. „mobilitéit.lu" ass deen éischten Deel vun engem Konzept bestoend aus véier Deeler, dat sech zu engem spéideren Zäitpunkt mam Buswiesen, de Stroosseninfrastrukturen an déi allgemeng Organisatioun vum Persounentransport auserneesetze wäert.

Aus den Ausféierunge vum Strategiepabeier geet ervir, dass sech verschidde Modullen op den Ausbau vun den Eisebunnsinfrastrukturen am Süde bezéien. D'Linn Péiteng/Lëtzebuerg gëtt zweegleiseg ausgebaut. Et gëtt des Weideren um Dédoublement vun der Eisebunnstrace tëschent Esch a Lëtzebuerg geschafft. Parallell dozou leeft en Avant-projet sommaire, fir déi nei Infrastrukturen an den Industriebroochen an d'Gare vun Esch op direktem Wee mat der Haaptstad a weider mam Kierchbierg an dem Findel ze verbannen.

Et gëtt eng direkt Eisebunnstrace tëschent Esch an der Stad Lëtzebuerg gebaut, déi laanscht d'Autobunn verlafe wäert. Et ass e Plus u Rapiditéit, deen duerch dës Verbindung tëschent deenen zwou gréisste Stied vun eisem Land realiséiert gëtt. Un dës Linn kënnen dann och zu engem spéideren Zäitpunkt d'Industriezon Leideleng a Cloche d'or ugebonne ginn.

Wat elo de Raccordement vun den Industriebrooche mat dem Eisebunnsnetz ugeet, esou huet den Transportminister sech op enger gemeinsamer Pressekonferenz mat der Bauten- an Héichschoulministesch a mam Innenminister verschidde Virgabe ginn, fir en integréiert Verkéierskonzept an den Industriebroochen auszeschaffen.

Ervirzehiewe sinn an dësem Kontext déi Pläng, fir zwou Park & Ride-Plazen ze schafen, déi direkt un d'Eisebunn erugebaut ginn. Heimadder kënne mer eng wesentlech Entlaaschtung vum Verkéier am Süden erreechen, bis zu enger gesteigerter Auslaaschtung vum öffentlechen Transport.

Wichteg ass awer an deem Kontext, dass Emplacementer fir de Bau vu Park & Ride Parkinge fonnt ginn, déi engersäits no beim öffentlechen Transport leien, an anerersäits d'Liewensqualitéit vum Bierger duerch ze vill Autoen net belaaschten. Meng Fro ass duerfir, ob et scho Sitë gëtt, déi potenziell als Park & Ride-Parkingen a Fro kéimen, an awéiwäit déi franséisch Grenzlokalitéite mat u Projete fir dës Parkinge bedeelegt sinn?

Ech wëll awer an dësem Kontext nach e puer Wuert iwwert dat grousst Rockévénement verléieren, wat mer am Summer am Kader vu 50 Joer CECA haten. Wa mer et fäerdeg bréngen, fir dëse Concert den öffentlechen Transport mam Zuch op Esch esou optimal ze organiséieren a mat de Busse vum TICE esou ofzestëmmen, datt d'Spectateuren ouni Problemer op de Site kommen, wéi mer dat gemaach hunn am Kader vu Steelworx, da muss et méiglech sinn, déi positiv Erfahrungen, fir e globaalt Verkéierskonzept mat ze berücksichtegen. Mir hunn et deen Dag ouni Weideres fäerdeg bruecht, eng Rei Parkingen ze organiséieren, wou e puer dausend Autoen ofgestallt konnte ginn. Bleift ofzewaarden, wat fir Léiere mir aus dësem Dag zéie kënnen, well wann ee feststellt, dass d'Organisatioun vum Transport fir dësen Dag gutt geklappt huet, da kann dat villverspriechend si fir de gesamten öffentlechen Transport an eisem Land.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Leit wëllen un éischter Stell wëssen, op wat fir Chantieren et virugeet, wou a wéi et an de kommende Joren zu substanziellen an tangibele Verbesserungen an Entlaaschtungen am Verkéier kënnt. Et ass gewosst, dass de verkéierstechnesche Chaos mat dësem Konzept nach net geléist ass. Stau a Blechlawine wäerten nach eng Zäit eis Stroosse beglécken. Den öffentlechen Transport muss nach vill un Attraktivitéit gewannen, fir datt sech e Mentalitéitswandel vollzéie kann. Et ass awer e vernünftegen Usaz an e gangbare Wee fir d'Zukunft. Wesentlech zu dësem Zäitpunkt ass, datt de Minister eng Lanz fir den Ausbau vun der Eisebunn, an domadder fir den öffentlechen Transport gebrach huet, deen de Verkéier an de Südgemengen entlaascht. D'Gemeng Suessem, esou wéi eng ganz Rei vun anere Gemengen am Süden däerfen a wäerte sech deem net widderleeën.

An dësem Kontext huet de Mouvement écologique schonn eng ganz Rei vun Drénglechkeets-

moossnamen initiéiert, déi elo geholl ginn, fir den öffentlechen Transport besser ze valoriséieren. Dës bezéie sech un éischter Stell op d'Aféierung vu grenziwwerschreidenden Ticketen an Abonnementer, Marketings- an Informatiounscampagnen, fir den öffentlechen Transport oder d'Erhéijung vun der Taktfrequenz vum TICE op 15 Minutten.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zommen, déi am Transportbudget 2003 niddergeschriwwe sinn, erméiglechen d'Ëmsetzung vun de Projete vu „mobilitéit.lu", an deemno déi konsequent Ëmsetzung vum 1999er Koalitiounsaccord. Esou verzeechne beispillsweis d'Investissementer fir den Exercice 2003, déi sech op de Schinnentrafic bezéien, eng substanziell Erhéijung par rapport zu 2002. An dësem Kontext hoffen ech, datt de Projet de loi 4942, deen d'1995er Gesetz iwwert d'Gestioun vum Schinnennetz ofännert, geschwënn evakuéiert gëtt. Et ass dëst e Projet, deen den aktualiséierten Devisë vun de wichtegste Projeten um existéierende Schinnennetz Rechnung dréit. Dëst ass noutwenneg, fir duerno déi legislativ Prozeduren an d'Weeër ze leeden, déi fir d'Ëmsetzung vun de Projeten am Kader vu „mobilitéit.lu" erfuerderlech sinn.

Doriwwer eraus ass eng Provisioun fir Etüde virgesi fir de Raccordement vum Kierchbierg via Findel an de Sennengerbierg, a fir déi integral Realisatioun vun enger zweeter Linn Péiteng/Lëtzebuerg. De Budget gesäit doriwwer eraus Zomme vir fir Etüden iwwert d'Verbindunge Lëtzebuerg/Beetebuerg a Lëtzebuerg/Esch-Uelzecht, esou wéi fir de Réaménagement vum Réseau am Minett. Et ass dëst eng Progressioun vun 290% par rapport zum Budget 2002. De Fonds du rail eleng gëtt am Exercice fir 2003 mat enger Dotatioun vun 140 Milliounen Euro beduecht, mat enger Progressioun vu 25%. Wat d'Dépensë vum Fong ubelaangt, esou belafen déi sech fir den Exercice 2003 op ronn 235,8 Milliounen Euro, wat eng Erhéijung vun 22,6% par rapport zum Virjoer duerstellt.

En anere wichtege Volet, dee belicht gi muss, betrëfft de Raccordement un dat internationaalt Schinnennetz. Dorënner fale beispillsweis d'Elektrifikatioun vun der Linn Lëtzebuerg-Léck an den TGV-Est, wou d'Regierung gemäß dem Ofkommes vum 28. Januar 2002 seng éischt Kontributioun leeschte muss. Och sief nach eng Kéier ënnerstrach, dass dëst Ëmsetzunge vu Punkten aus dem Koalitiounsaccord sinn. D'Ubannung vun eisem Netz un den internationale Schinneréseau ass e wichtege Faktor fir d'Kompetitivitéit vun eisem Land.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, unhand vun dësen Zuele gëtt ersiichtlech, datt d'Regierung eng volontaristesch Politik am Interesse vum öffentlechen Transport ageschloen huet. Vun dësem Wee dierf se net ofgoen. Et ass eng Politik, déi och an dëse méi schwieregen Zäiten déi voll Ënnerstëtzung vun der CSV-Fraktioun huet. Et geet hei ëm e Stéck Zukunftsfäegkeet, ëm e plus vu Liewensqualitéit fir de Bierger an ëm eng gesteigert Kompetitivitéit fir eist Land. Ech soe merci fir d'Opmierksamkeet.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo nach d'Madame Ferny Nicklaus. Pardon, den Här Gast Gibéryen freet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech wollt drop opmierksam maachen, datt mer eis eng Zäit ginn am Reglement, fir zu dësem Budget ze schwätzen, an datt d'CSV hir Zäit elo ëm eelef Minutten iwwerschratt huet.

Mir waren domat averstanen, datt den Här Sunnen seng Ried fäerdeg hale konnt, esou wéi se programméiert war, mä mir sinn net domat averstanen, fir datt elo d'CSV nach soll zousätzlech Zäit kréien. Ech wëll drun erënneren, datt d'lescht Joer bei de Budgetsdebatte mir als Fraktioun zum Schluss keng Zäit méi haten, mä datt d'CSV nach Zäit hat, an datt den Här Weiler d'lescht Joer du vun där Zäit profitéiert huet, fir iwwer eis Partei a mech perséinlech hierzefalen. Mir hu keng Zäit méi kritt, fir drop ze äntwerten, och keng Zäit vun de Motiounen. Et ass gesot ginn: „D'Zäit ass ofgelaf. Dir kritt keng Zäit, fir doriwwer ze diskutéieren." Duerfir musst Der verstoen, datt mir zu dësem Zäitpunkt elo och net kënnen domat averstane sinn,...

***(Interruption)***

...datt d'CSV nach soll méi Zäit kréien, vu dass se elo schonn ëm zéng Minutten hir Zäit iwwerschratt huet.

Mir sinn op jidde Fall net domat averstanen, datt eist Reglement soll violéiert ginn. Ech mengen, mir hunn eis dës Kéier versicht anzeriichten, fir datt mer mat eiser Zäit erauskommen. D'CSV muss sech och intern esou organiséiere wéi déi aner Fraktiounen, fir dass se mat hirer Zäit auskënnt. Wéi gesot, mir sinn net domat averstanen.

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- Elo wier ech scho fäerdeg, Här Gibéryen.

***(Hilarité)***

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat huet näischt mat lech ze dinn, Madame Nicklaus, dat ass eng Saach vum Prinzip.

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- Ech wier scho fäerdeg.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir sinn net domat averstanen, datt déi Zäit iwwerschratt gëtt.

Une voix.- Ech, an Ärer Plaz, géif bei de Motioune schwätzen.

M. le Président.- Den Här Weiler freet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, ech sinn net d'accord mat deem, wat den Här Gibéryen hei gesot huet,...

***(Brouhaha général)***

...well hien d'Tatsaachen, esou wéi se sech d'lescht Joer hei ofgespillt hunn, net richteg erëm ginn huet.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dach, dach.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ech hunn nämlech extra - well ech mer geduecht hunn, datt dat dote kéim, oder et war mer signaléiert ginn, datt dat géif kommen - de Chambersbericht vum leschte Joer nogekuckt: Et war d'lescht Joer keng Demande do vum ADR, fir am Kader...

***(Interruption)***

Jo, mer kënnen de Rapport nokucken. Dir hutt fräiwëlleg d'lescht Joer...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, mir hunn net fräiwëlleg. Neen, neen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- ...am Kader vun den Amendementer...

Une voix.- A wouhier!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, neen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, à moins, datt den Här Gibéryen mer weist, wou dat steet, dass hien déi Demande gemaach huet, well et war keng Demande do. Ech hunn et virdrun am Rapport nogekuckt. Et ass keng vum ADR do gewiescht, à moins datt den Här Gibéryen eis esou eng weist, sinn ech net domat d'accord.

Här President, mir waren eis nach ëmmer hei eens, dat hu mer déi lescht Joren ëmmer esou gemaach, datt wann eng Fraktioun gären hir Zäit vun de Motiounen eriwwerhëllt...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, dat ass net gaangen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- ...an den Débat général, da ware mir domadder d'accord.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, neen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ech denken och, datt dat kee Problem hei ass. Deementsprechend hu mir nach genuch Zäit, fir dass d'Mme Nicklaus hei kann d'Wuert ergräifen.

M. le Président.- Jo, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, mir sinn net domat d'accord. Dann hätte mer gären, datt d'Chamber e Vote soll doriwwer huelen, an zwar e Vote électronique.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Dat geet net, Här Gibéryen, et sinn nëmmen nach 27 Deputéierten hei.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat ass eis egal. Mir froen e Vote, wéi en am Reglement steet.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, ech géif lech bieden d'Chamber ze consultéieren, ob se domat d'accord ass, datt d'Zäit vun de Motiounen eriwwergeholl gëtt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, awer iwwer e Vote. Mir hätte gären e Vote, Här President.

M. le Président.- D'accord, mir huelen e Vote. Erlaabt mer awer ze soen, datt mer an der Vergaangenheet ni esou klenglech waren.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mat eis waart Dir d'lescht Joer awer esou klenglech.

M. le Président.- Loosst mech emol ausschwätzen, Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Entschëllegt, Här President.

M. le Président.- Et geet jo hei net drëm, datt eng Faveur gemaach gëtt. Dir kritt déi 35 Minutten, déi all Fraktioun zegutt huet. Och eng kleng Fraktioun huet 35 Minutte zegutt, déi se huele kann, fir en Exposé ze halen. Et sinn zwee Kolleegen, déi hir Zäit iwwerschratt hunn. Ech ginn dat zou. Wa sech jiddfereen u seng Zäit gehalen hätt, wéi et virgesi war, da wär et null vun null opgaangen.

Mir hunn awer bis elo nach ni mam Chronometer ofgestoppt. Mir waren ëmmer tolerant, bal bei deem engen, bal bei deem aneren. Mä ech loossen dann elo d'Chamber doriwwer ofstëmmen, ob se domat d'accord ass, datt d'Mme Nicklaus nach hir Ried kann halen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir froen e Vote électronique.

M. le Président.- Ass dat wierklech esou wichteg, fir e Vote électronique ze maachen?

***Vote***

Wien derfir ass, stëmmt mat Jo.

Wien dergéint ass, dee stëmmt mat Neen oder enthält sech.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Fir wat, Här President?

M. le Président.- Datt d'Mme Nicklaus nach hir Ried kann halen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mä, Här President, mir mussen awer elo wësse wéi mer ofstëmmen. Mir sinn hei Demandeur, fir e Vote ze kréien. Eis Demande ass, fir datt mer eis un eist Reglement halen, an datt keng Zäit vun de Motioune ka bei den Débat integréiert ginn.

M. le Président.- Dee Vote hei leeft dach.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Et geet drëm, fir dass keng Confusioun beim Ofstëmme kënnt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat muss een awer wëssen, fir dass ee weess ob ee mat Jo oder Nee stëmmt.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Et muss ee wësse wéi d'Fro gestallt ass.

M. le Président.- D'Fro ass, ob een d'accord domat ass, datt d'Mme Nicklaus nach hiren Exposé hält oder net. Dat ass d'Fro, déi sech elo gestallt huet.

Wann d'Reglement soll geännert ginn, mengen ech ass jo eng Reglementskommissioun amgaangen um Reglement ze schaffen; da soll dat do gemaach ginn. Mä loosse mer awer net elo hei zum Schluss vun eiser Debatt, déi awer eenegermoossen ordentlech verlaf ass, eng Statsaffär draus maachen, wann elo nach eng Damm, déi och nach d'Wuert mat Zäite gefrot hat, hir Ried hale wëllt. Si kann net duerfir, dass d'Zäit schonn opgebraucht ass. Et sinn zwee Riedner vun der CSV, déi hir Zäit iwwerschratt hunn an duerfir ass et mat der Zäit net opgaangen.

Mir waren an der Vergaangenheet ëmmer ganz tolerant an hunn nach bei alle Parteien en An zougedréckt. Ech gesinn duerfir net an, firwat een d'Mme Nicklaus elo net soll schwätze loossen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir sinn d'lescht Joer esou behandelt ginn hei, Här President.

M. le Président.- Si mer dann domat d'accord, dass d'Madame Nicklaus nach schwätzt?

Des voix.- Jo.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wéi ass de Vote, Här President?

M. le Président.- 16 sinn der derfir; et gëtt 5 Abstentiounen a 5 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Jean Spautz, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Emile Calmes, Gusty Graas et Mme Maggy Nagel;*

*Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Mars Di Bartolomeo, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer et Georges Wohlfart.*

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat ass keng Majoritéit, Här President. Da stellen ech fest, datt mer de Quorum net méi hunn, fir ofzestëmmen.

M. le Président.- Hei gëtt net iwwer e Gesetz ofgestëmmt oder iwwer eng Motioun, dat hei ass eng Verfahrensfro.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, Här President, den Artikel 38 seet, dass wa kee Quorum ass bei engem Vote, da gëtt de Vote ëm eng Stonn reportéiert oder op eng nächst Sitzung verluecht. Dat ass eist Reglement.

M. le Président.- Madame Nicklaus, et deet mer Leed, dass ausgerechent Dir elo net zu Wuert komme sollt.

***(Interruptions)***

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Dir kënnt jo bei de Motiounen nach schwätzen, Madame Nicklaus.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Si ka jo bei der Motioun schwätzen.

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- Neen.

M. le Président.- Neen, Dir kritt dann d'Wuert fir...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, Här President, dat geet net! Mir hunn hei e Vote geholl, wou kee Quorum ass. Da muss d'Chamber ophalen. Dat steet esou an eisem Reglement.

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- Här Gibéryen, erlaabt Dir mer vläicht als Fra...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat huet näischt mat enger Fra ze dinn, Madame Nicklaus.

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- ...just ee Wuert ze soen? Dir hutt dee ganze Mëtteg de Mond opstoen. Lauschtert emol!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, mir hunn elo e Vote geholl an hu festgestallt, dass kee Quorum hei ass. Da musse mer eist Reglement applizéieren.

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- Ech wollt hei iwwer Egalité des chances schwätzen. Ech gesinn, si existéiert heibannen op jidde Fall net.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, dat huet näischt domat ze dinn.

***(Hilarité)***

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- Dach, dat huet just domat ze dinn.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Da beklot lech bei Ärer Fraktioun, déi lech hannen un de Wupp gesat huet.

***(Interruptions diverses)***

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Si kann net méi tagen.

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- Ech wollt just soen...

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Den Här Weiler hätt lech solle méi wäit no vir setzen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Madame Nicklaus, ech kann lech soen, d'Egalité des chances gëtt et bei der CSV effektiv net, well déi männlech Kolleegen hunn Är Zäit mat opgebraucht.

***(Brouhaha général)***

Une voix.- Et ass net eis Schold.

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- Dir hätt sollen op de President lauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Mir hunn näischt dergéint, dass Dir schwätzt.

M. le Président.- Den Här Weiler freet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, fir datt opgrond vun der Demande vum ADR dës Sitzung elo hei net an der Lächerlechkeet ënnergeet, géif ech lech proposéieren, Här President, dass d'Madame Nicklaus en Dënschden als Éischt bei de Motiounen d'Wuert kritt, fir hir Ried virzedroen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Domat hu mir kee Problem.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ech wäert de Procès-verbal nokucken, fir dat ze vérifiéieren, wat den Här Gibéryen hei invoquéiert huet, fir seng Demande ze maachen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ech hunn et schonn nogekuckt an et ass net richteg esou wéi hien et presentéiert huet. Ech wäert en Dënschden als Alleréischten d'Wuert hei froen, fir dozou Stellung ze huelen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo.

M. le Président.- Mir maachen dat dann esou. Den Här Ady Jung huet nach d'Wuert gefrot fir e Fait personnel.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Une voix.- Elo hu mir Dir dach en décken Déngscht geleescht.

M. le Président.- Här Jung, schwätzt wann ech glift.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Den Här Jung huet jiddefalls keng roueg Hand.

M. Ady Jung *(CSV).*- Här President, op eng Klorstellung vun haut de Moie vu mir hin, dass zu där Zäit, wou den Här Bodry Arméiminister war, scho Rieds war, fir dass am Kader vum Lëtzebuerger Verdeedegungsbeitrag zur NATO eist Land sech soll fir d'Uschafung vun engem Transportfliger engagéieren a bei der Uschafung vun engem Transportschëff eng Bedeelegung vu 25 Prozent soll iwwerhuelen, war den Här Bodry förmlech aus der Rumm gefall. Dës Projeten, ënner belsch-Lëtzebuerger Regierungsverantwortung, goufen, mengen Informatiounen no, an de Joren 1997 an 1998 souwuel strategesch wéi technesch awer och finanziell behandelt, fir dann uganks 2001 vum Arméiminister Charel Goerens mam Accord vun der Lëtzebuerger Regierung finaliséiert ze ginn.

Et wier iwwregens net unzehuelen, dass de Minister Goerens esou komplex a käschtespilleg Projete vun 146 Milliounen Euro, an ale Lëtzebuerger Frange vu 5.840 Milliounen, e puer Méint no sengem Untrëtt hätt kënnen ofschléissen, wann net ënner sengem Virgänger Bodry Viraarbecht geleescht gi wier.

Meng Informatioune krut ech perséinlech vum belschen Divisiounsadmirol a Chef vum Etatmajor vun der belscher Marine Verhulst bei Geleeënheet vun enger Visite vum Benelux-Parlament vun der Amiral-Benelux-Flott, den 11. Mee 2001 zu Den Helder an Zeebrugge. Bei dëser Geleeënheet an an dësem Kontext gouf déi excellent Zesummenaarbecht mat de Lëtzebuerger Arméiautoritéite ganz positiv ervirgestrach.

Une voix.- Très bien.

M. Ady Jung *(CSV).*- Aus dem Benelux-Rapport wëll ech nëmmen een Abschnitt zitéieren: „En réponse aux questions l'amiral a donné quelques précisions sur la construction du bateau de transport belgo-luxembourgeois. Un accord de coopération militaire a été signé entre la Belgique et le Luxembourg. La construction de ce bateau de transport stratégique est un des points du programme prévu dans l'Accord. Ce bateau de transport sert à l'acheminement de moyens de transport et au soutien des opérations en cours à l'aide notamment d'un équipement de commandement et d'une antenne médicale. Trois hélicoptères peuvent atterrir simultanément sur ce bateau. Ce bateau de transport permettra également d'effectuer une opération indépendamment de l'infrastructure sur terre. Il permet de combler une importante lacune, tant au sein de l'OTAN que sur le plan européen."

Den Här Bodry huet mech a senger Verzweiflung, well ech hie bei senger Onwourecht ertappt hat, als Ligener betitelt, eng Ausso, déi ech mer nëmme vun engem gebilte Mënsch erkläre kann, wann hien net an der Lag ass eng éierlech Äntwert ze ginn.

Un d'Adress vum Här Bodry kann ech nëmme soen: Wann hie wierklech net iwwert déi ugesprache Virgäng während senger Mandatszäit als Arméiminister am Bild war, da war hie senger Aufgab als Minister ganz einfach net gewuess. Merci.

M. le Président.- Den Här Di Bartolomeo hat nach d'Wuert gefrot.

***(Interruption)***

Hien hat sech éineschters aschreiwe gelooss. Ech muss dat awer soen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wéi wäit sidd Dir mat Ärer Zäit?

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Nach 31 Sekonnen.

M. le Président.- Si hunn nach eng hallef Minutt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Entschëllegt, 31 Sekonnen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll net am Numm vu mengem Kolleeg Alex Bodry op déi Affär „Schëff a Fliger" agoen. Ech ginn dovunner aus, dass den Här Ady Jung déi soi-disant Beweiser op den Dësch vun der Chamber wäert leeën, an dass déi aner Woch den Alex Bodry selwer dozou Stellung bezéie kann. Ech erwaarden dann och, dass den Här Ady Jung eis seng Sourcë gëtt,...

Une voix.- Dat huet hien dach gemaach.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- ...ausser deenen, déi hien elo hei op den Dësch geluecht huet, a wou den Datum mir jiddefalls näischt seet.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wär normalerweis net op dës Tribün komm, well ech mer erwaart hat, dass eis liberal Kolleege géife Stellung bezéien zu enger vun deene wuel déif gräifendsten Ännerungen an eiser Budget- a Finanzpolitik, déi eise Statsminister ugekënnegt huet. Eise Statsminister huet net méi an net manner gesot, wéi dass ee vun den Haaptprojeten, mat deenen d'DP ugetrueden ass an hirer Regierungsaktivitéit, mat där de Statssekretär Schaack ugetrueden ass a mat där d'Ministerin Lydie Polfer ugetrueden ass, begruewe géif ginn.

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, dat do ass awer kee Fait personnel.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ah, et ass kee Fait personnel! Ech hunn ni gesot, dass ech e Fait personnel...

***(Interruptions)***

M. le Président.- Ech hunn dat awer esou verstanen. Da bréngt dat en Dënschde vir bei de Motiounsdebatten.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, ech hat gefrot, fir déi 31 Sekonnen ze kréien als Normalriedebäilag. Ech wëll net aneschters behandelt gi wéi d'Kolleege vun der CSV.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Da bréngt Är 31 Sekonnen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dat wollt ech just maachen an ech kommen direkt zu menger Konklusioun, well ech eigentlech just eng Fro un de Statssekretär wollt stellen. Ass et richteg, Här Statssekretär, dass déi global Gehälterrevisioun an der Fonction publique begruewen ass? Oder ass et net richteg? Firwat ass se begruewen? Merci villmools.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Erkläert eis emol fir d'éischt, wat eng global Gehälterrevisioun ass.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et deet mer wierklech net Leed, dass ech komm sinn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Eis och net.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Et ass also net ëmsoss, wou ech hei sinn, Här President. Den Här Di Bartolomeo huet d'Fro opgeworf vun der Gehälterrevisioun am öffentlechen Déngscht.

Ech wëll him dorop äntwerten - an ech mengen, hien ass dee Leschten, dee mer do widdersprécht: Ech hat an ech hunn och nach haut kee gestéiert Verhältnis zu enger Gehälterrevisioun am öffentlechen Déngscht. Ech ka mech awer erënneren aus der Vergaangenheet, a mir zwee sinn eis jo während all deene Jore relativ oft begéint, datt ech bei där leschter Gehälterrevisioun, déi am Joer 1986 war, nach zu deene Leit gehéiert hunn, déi bei déi politesch Parteie gepilgert sinn. Ënner anerem sinn ech bei d'sozialistesch Aarbechterpartei komm. Ech muss soen, dass ech ganz wéineg Gehéier fonnt hu bei der sozialistescher Aarbechterpartei. Par conter muss ech beluewegend ervirhiewen,...

***(Hilarité)***

...dass déi gutt Relatiounen, déi mer zu deem Zäitpunkt mat der CSV haten an en engagéierte Minister vun der...

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dofir huet de Statsminister Är Gehälterreform elo ofgeschaaft.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- ...Fonction publique deemools et contre vents et marées duerchgesat huet, fir eng Gehälterrevisioun ze maachen, well vun Ärer Säit - et deet mer Leed, fir et ze soen, mä Dir hutt lech dat reng provokativ haut den Owend erwaart -,...

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech hu gefrot, ob se ofgeschoss ass oder net.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- ..., dat kann ech lech just soen, hate mir nach ni eppes zegutt.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Wien ass mir?

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Wie mengt Dir mat mir?

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Mir, dat ass d'Fonction publique.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir sidd d'Fonction publique?

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- D'Fonction publique hat nach ni eppes vun lech zegutt.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir sidd also d'Fonction publique!

Une voix.- D'CGFP...

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Hei huet net d'CGFP geschwat.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Här President, hei huet e fréiere Gewerkschaftler vun der CGFP erzielt wéi et sengerzäit war. A wann de Statsminister hei deklaréiert, dass keng Gehälterrevisioun an dëser Legislaturperiod gemaach gëtt, dann ass dat eng Décisioun vun der Regierung, point - à la ligne.

Méi hunn ech dozou net ze soen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dat heescht et ass och Är Décisioun.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Et ass eng Décisioun vun der Regierung.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Et ass och Är Décisioun.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Selbstverständlech.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Gutt.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Moien um zéng Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 19.08 heures)***

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

um Réseau vun der Coditel
*um Kanal S 29*

*och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*

## Ordre du jour

5008 - Projet de loi portant approbation de la „Vereinbarung über die Gestattung der Durchreise ausreisepflichtiger jugoslawischer Staatsangehöriger“, signée à Berlin, le 21 mars 2000

5009 - Projet de loi portant approbation

- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, le Gouvernement du Royaume de Belgique et le Gouvernement du Royaume des Pays-Bas et le Gouvernement fédéral de la République Fédérale de Yougoslavie relatif à la reprise et la réadmission de personnes qui ne remplissent pas ou ne remplissent plus les conditions d'entrée ou de séjour sur le territoire de l'autre Etat contractant;
- du Protocole sur l'application de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, le Gouvernement du Royaume de Belgique et le Gouvernement du Royaume des Pays-Bas et le Gouvernement fédéral de la République Fédérale de Yougoslavie relatif à la reprise et la réadmission de personnes qui ne remplissent pas ou ne remplissent plus les conditions d'entrée ou de séjour sur le territoire de l'autre Etat contractant, signés à Belgrade, le 19 juillet 2002

5010 - Projet de loi portant approbation

- de l'Accord entre le Gouvernement de la République de Hongrie et les Gouvernements des Etats du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) relatif à la réadmission des personnes en séjour irrégulier;
- du Protocole d'application de l'Accord entre le Gouvernement de la République de Hongrie et les Gouvernements des Etats du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) relatif à la réadmission des personnes en séjour irrégulier, signés à Luxembourg, le 23 janvier 2002

5011 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les Gouvernements du Grand-Duché de Luxembourg, du Royaume de Belgique et du Royaume des Pays-Bas, d'une part, et le Gouvernement de la République Slovaque, d'autre part, relatif à la réadmission des personnes en situation irrégulière, signé à Bratislava, le 21 mai 2002

*(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte des projets de loi - Vote sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Luc Frieden, Ministre.

***(Début de la séance publique à 10.01 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour komme mer zu der Diskussioun vun de Projets de loi 5008, 5009, 5010 a 5011, véier verschidden Accords de réadmission, déi an enger Diskussioun behandelt ginn. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: d'Madame Err, d'Madame Durdu, den Här Henckes an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deene véier Projeten, den honorablen Här Laurent Mosar.

### 5008 - Projet de loi

**portant approbation de la „Vereinbarung über die Gestattung der Durchreise ausreisepflichtiger jugoslawischer Staatsangehöriger“, signée à Berlin, le 21 mars 2000**

### 5009 - Projet de loi portant approbation

**- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, le Gouvernement du Royaume de Belgique et le Gouvernement du Royaume des Pays-Bas et le Gouvernement fédéral de la République Fédérale de Yougoslavie relatif à la reprise et la réadmission de personnes qui ne remplissent pas ou ne remplissent plus les conditions d'entrée ou de séjour sur le territoire de l'autre Etat contractant;**

**- du Protocole sur l'application de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, le Gouvernement du Royaume de Belgique et le Gouvernement du Royaume des Pays-Bas et le Gouvernement fédéral de la République Fédérale de Yougoslavie relatif à la reprise et la réadmission de personnes qui ne remplissent pas ou ne remplissent plus les conditions d'entrée ou de séjour sur le territoire de l'autre Etat contractant,**

**signés à Belgrade, le 19 juillet 2002**

### 5010 - Projet de loi portant approbation

**- de l'Accord entre le Gouvernement de la République de Hongrie et les Gouvernements des Etats du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) relatif à la réadmission des personnes en séjour irrégulier;**

**- du Protocole d'application de l'Accord entre le Gouvernement de la République de Hongrie et les Gouvernements des Etats du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) relatif à la réadmission des personnes en séjour irrégulier,**

**signés à Luxembourg, le 23 janvier 2002**

### 5011 - Projet de loi

**portant approbation de l'Accord entre les Gouvernements du Grand-Duché de Luxembourg, du Royaume de Belgique et du Royaume des Pays-Bas, d'une part, et le Gouvernement de la République Slovaque, d'autre part, relatif à la réadmission des personnes en situation irrégulière, signé à Bratislava, le 21 mai 2002**

***Rapport de la Commission juridique***

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Réckféierung vu Leit, déi sech illegal an engem Land befannen, stellt sech als grousse Problem duer um Niveau vun der Europäescher Unioun. Och d'Benelux-Staten gesi sech mat enger ëmmer méi grousser Zuel vu Leit konfrontéiert, déi sech illegal op hirem Territoire befënnt. Fir all déi praktesch Problemer ze léisen, déi sech am Kontext vun der Réckféierung vun esou Leit erginn, ass et onbedéngt noutwenneg, datt d'Kooperatioun zwëschent de Benelux-Staten an deenen Drëttlänner, aus deenen dës Leit kommen, verbessert gëtt.

Am Sënn vun enger méi grousser Kooperatioun hunn d'Benelux-Staten eng Rei vu sou genannten Accords de réadmission ënnerschriwwen. Hei geet et op där enger Säit drëm, déi Konditiounen a Modalitéite festzeleeën ënnert deenen dës Drëttlänner erëm mussen hir Statsbierger zréckhuelen, déi sech illegal an engem vun de Benelux-State befannen, op där anerer Säit awer och d'Transitmodalitéite festzeleeë mat deene Länner, wou dës Leit mussen duerchreesen, well se jo net alleguer iwwert de Flugwee kënnen zréckbruecht ginn.

Här President, d'Commission juridique war der Meenung, et sollt een iwwert dës Accorden just ee schréftlechen a mëndleche Rapport maachen. Dëst, well déi Accorden alleguerten a grousse Linnen déiselwecht Konditiounen a Modalitéite festschreiwen. Doduerch hätt et wéineg Sënn gemaach, fir iwwer all eenzelnen Accord e separate Rapport ze verfaassen. Virop wéilt ech awer op eng kleng Kuriositéit hiweisen, déi ech am Exposé des motifs vum Projet nogelies hunn.

Hei gëtt gesot, datt d'Regierung am Interesse vun enger méiglechst grousser Rechtssécherheet, awer och Transparenz, déi verschidden Accords de réadmission wëllt der Chamber zwecks Approbatioun ënnerbreeden. Och, wann d'Intentioun vun der Regierung, fir méi Transparenz an dësem Domaine ze schafen, sécherlech begréissenswäert ass, sinn ech dach der Meenung, dass all international Accorde mussen der Chamber fir Approbatioun virgeluegt ginn. Et schéngt mer evident ze sinn, datt mer eis hei net an enger aussergewéinlecher, mä an där ganz normaler Prozedur befannen, déi virgesäit, datt esou Accorde musse vum Parlament ratifizéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt de Kontext ze situéieren, an deem mer eis hei befannen. Fir et vläicht jiddferengem heibanne méi verständlech ze maachen, wëll ech u sech nach eng Kéier déi véier Haaptkategorië vu Leit oplëschten, déi vun dësen Accorde kënne concernéiert sinn. Fir d'éischt all déi Leit, déi fräiwëlleg wëllen an hir Ursprongslänner zréckgoen, an déi och am Besëtz vu gëltegen Ausweispabeiere sinn, dann déiselwecht Kategorie vu Leit, déi keng Pabeieren hunn. Eng drëtt Kategorie vu Leit, déi net wëlle fräiwëlleg zréckgoen, awer gülteg Pabeieren hunn. Déi véiert Kategorie, déi, déi net wëllen zréckgoen a keng gülteg Ausweispabeieren hunn.

Wat déi éischt Kategorie vu Leit ubetrëfft, esou stellt se absolut kee Problem duer. All déi Leit kënnen an hir Heemechtslänner zréckgoen. Dëst ouni, datt do iergendwéi muss eng Autorisatioun gefrot gi bei den Autoritéite vun hirem Heemechtsland an, ouni datt iergendwéi en Accord de réadmission besteet, respektiv ratifizéiert ginn ass. Wat awer all déi aner Kategorien ubetrëfft, esou spillen hei déi verschidden Accords de réadmission. Ech wëll allerdéngs nach eng Kéier ënnersträichen, datt och ouni Accord de réadmission Leit kënnen an hir Heemechtslänner zréckgeschéckt ginn, fräiwëlleg, begleet oder net. An dësem Fall muss allerdéngs den Accord vun den Autoritéite vun hirem Ursprongsland virleien. Dat Ursprongsland muss och déi Ausweispabeieren ausstellen, déi et hinnen erlaben op legalem Wee an hir Heemecht zréckzegoen.

Et ass also net esou, wéi dat oft a verschiddene Kreesser colportéiert gëtt, datt eng Persoun, déi sech illegal an eisem Land ophält, net an hiert Heemechtsland kann zréckgeschéckt ginn ier déi Accords de réadmission vun deene verschiddene Parlamenter ratifizéiert gi sinn.

Här President, wat ass elo den Intérêt vun deene verschiddenen Accorden? Wéi ech scho virdru gesot hunn, mussen elo d'lëtzebuergesch Autoritéite mat deene vum Drëttland en Accord négociéieren iwwert d'Réckféierung vun deene Persounen, déi sech illegal hei ophalen. Zweetens muss d'Autoritéit vun deem Ursprongsland säin Accord iwwert de Prinzip, mä awer och iwwert d'Modalitéite vun der Réadmissioun vun der concernéierter Persoun op säin Territoire ginn. Sinn dës Konditiounen net erfëllt, ka keent vun de Benelux-Länner eng Réckféierung maachen. Mat den Accords de réadmission gëtt d'Situatioun elo eng aner, well dës Accorden net nëmmen déi Réckféierungsprozedure vereinfachen, mä och a ganz besonnesch, d'Rechtssécherheet verstäerken. Et ass nämlech esou, datt d'Obligatioun, fir Leit zréckzehuelen, d'Konditiounen, d'Modalitéiten, an d'Délaie vun där Réadmissioun elo genaustens an dësen Accorde beschriwwe ginn. Doduerch datt dës Konditioune bekannt sinn, besteet also an Zukunft eng zolidd Rechtssécherheet vis-à-vis vun Drëttlänner.

Wat sinn elo déi wesentlechst Punkten, déi vun deene verschiddenen Accorde festgeluecht ginn?

Fir d'éischt gëtt nach eng Kéier den allgemenge Prinzip widderholl, laut deem all Stat muss op sengem Territoire seng Statsbierger zréckhuelen, déi sech illegal um Territoire vun engem vun deene State befannen, déi dësen Accord ratifizéiert hunn.

Zweetens ginn an dësen Accorden d'Konditiounen, d'Modalitéiten an d'Délaie festgeschriwwen, dëst, fir d'Ausstelle vu Reesdokumenter ze erméiglechen an natierlech och am Kontext vun der Réckféierung vun deene concernéierte Persounen.

Drëttens gesinn d'Accorden awer och Dispositioune vir, fir all déi Leit, déi, obscho se net d'Nationalitéit vun engem vun dësen Drëttstaten hunn, awer Openthaltsgenehmigungen oder gülteg Visaen hunn, respektiv mindestens sechs Méint an deem Land gelieft hunn, ier d'Demande de réadmission gemaach ginn ass, an déi sech illegal an engem anere Land befannen.

Véiertens gi genau Regele festgeluecht, wat den Transit vun all deene Persounen ubelaangt, déi an hir Ursprongslänner zréckginn.

Et ass dann och esou - an dëst wëll ech hei nach eng Kéier betounen -, dass déi Konditiounen a Regelen, déi hei opgestallt ginn, alle Bierger vun engem vun deene Länner, déi dësen Accorde bäitrieden, d'Konditiounen fir d'Heemgoe wesentlech vereinfachen. Dëst spillt souwuel fir déi Leit, déi fräiwëlleg zréckginn, an zum Beispill keng valabel Ausweispabeiere hunn, wéi fir déi, déi a sech iwwer e Retour forcé zréckgeféiert ginn. Dës Accorde schénge mer och wesentlech ze sinn, wann ee weess, wéi problematesch et ass, besonnesch fir Bierger aus Jugoslawien, sech Ausweispabeieren ze beschafen, dëst an akzeptablen Délaien an zu Konditiounen, déi besonnesch, wat d'Taxen, déi se bezuele mussen, fir vill Leit schwéier erdrobar sinn.

Ech wéilt dann nach eng Kéier de Wonsch vun der Commission juridique an Erënnerung ruffen un d'Adress vun der Madame Ausseminister, fir bei de jugoslaweschen Autoritéiten ze intervenéieren, datt d'Ausstelle vu Päss fir dës Leit ënner akzeptable Konditioune ka geschéien. Déi Leit kënne finanziell net esou belaascht ginn, datt et fir si onméiglech gëtt, sech iwwerhaapt e Pass ze besuergen.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier betounen, dass déi Accorden eréischt a Kraaft trieden, wa se vun alle Länner ratifizéiert gi sinn, déi se ënnerschriwwen hunn. Dir fannt a mengem schréftleche Rapport eng genau Oplëschtung vun deene verschiddene Ratifikatiounsprozeduren an deenen eenzele Länner, sou datt ech am Détail hei net brauch dorobber anzegoen.

E lescht Wuert, wat den Transitaccord ubetrëfft: Hei geet et einfach nëmmen drëm, de Retour volontaire vu Persoune jugoslaweschen Ursprongs an hiert Land ze vereinfachen an deem Fall, wou se keng gülteg Reesdokumenter hunn. Elo kënnen se iwwert de Wee vun engem europäesche Laissez-passer duerch déi verschidde Pays signataires transitéieren. Betoune wéilt ech nach hei, datt dësen Transit souwuel mam Auto, mam Zuch oder mam Autocar kann duerchgefouert ginn.

Als Konklusioun wëll ech nach eng Kéier hei festhalen, dass dës Accorden net nëmmen den Autoritéite vun deene verschiddene Länner, déi se ënnerschriwwen a ratifizéiert hunn, déi administrativ Ofwécklung wäerte vereinfachen, mä awer och all deene betraffene Leit d'Heemrees an hir Heeméchtslänner iwwerhaapt emol erméiglechen an allgemeng gülteg Konditiounen a Modalitéiten heifir festleeën. Ech ka mer duerfir net virstellen, dass iergendwéi eng Fraktioun an dëser Chamber eppes géint dës Accorde wäert anzewenden hunn. Ech ginn duerfir dovun aus, datt se hei eng grouss Majoritéit wäerte fannen.

Wat d'CSV-Fraktioun ubetrëfft, kann ech lech elo scho soen, datt se dozou hir Zoustëmmung wäert bréngen. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischt Riednerin ass d'Madame Lydie Err agedroen. D'Madame Err huet d'Wuert.

***Discussion générale***

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, zum Accord de réadmission selwer an zu den Accords d'application vun dësen Accorden ass eigentlech elo vu mengem Virriedner, dem Rapporteur, alles gesot ginn, wat ee wësse muss, sou dass et méiglech ass, hei net méi an d'Détailer anzegoen.

Am Résumé, mengen ech, kann ee soen - an ech sinn op bal alle Punkten d'accord mam Rapporteur -, dass deen Accord de réadmission als Zweck huet, déi administrativ Formalitéite bei enger Réckféierung ze vereinfachen. Dass dat noutwendeg ass, dat huet d'Praxis an der leschter Zäit gewisen. Dass dat fir d'Leit am Fong net vill ännert, dat ass kloer, ausser dass d'Prozeduren eventuell accéléréiert ginn. Jiddefalls ass et esou, dass den Accord a sech kee Problem duerstellt. Dass en awer e ganze Koup Problemer opwerft iwwer Froen, déi am enken Zesummenhang sti mat dësen Accords de réadmission, respektiv mat der Immigratioun oder mam Retour vun Immigréierten, déi zu Lëtzebuerg sinn.

Vläicht kann een aganks eng Kéier rappeléieren, dass d'Immigratioun e Mënscherecht ass, mä dass d'Immigratioun an den Texter vun den internationale Konventiounen dat net ass. Et ass kloer, wann et Immigratioun gëtt, dass déi nëmme positiv funktionéiere kann, wann et eng Integratiounspolitik gëtt. Eng Integratiounspolitik, déi keng Einbahn ass, mä déi vum Land, wat d'Leit ophëlt, wéi vun deene Leit, déi opgeholl ginn, Efforte verlaangt, fir dass dat Zesummeliewen e Succès gëtt. Dat heescht, dass et dans le chef vun den Immigranten e Gefill vun Zesummegehéieregkeet, e Gefill vun Akzeptanz ervirrifft, a bei hinnen d'Schlussfolgerung kënnt, dass si och an hirem Opnahmland Mënsche sinn, e Member vun der Gesellschaft sinn, an als dat komplett akzeptéiert sinn.

Dat, mengen ech, ass zu Lëtzebuerg de Moment net de Fall. Ech wëll dofir ganz kuerz e puer Tatsaachen hei rappeléieren. Virum Krich a Jugoslawien hate mir zu Lëtzebuerg ongeféier 3% jugoslawesch Matbierger. Haut hu mer anscheinend zwëschen 3.000 a 5.000 Leit, dovunner 1.800 Leit - an ech wier frou, wa meng Chiffere net richteg sinn, wann ech se rectifiéiert kréisch - déi eng Demande d'asile gemaach hunn an déboutéiert gi sinn. A vun deenen 1.800 Déboutéierte sinn anscheinend 220 Promesses d'embauche do. Déi Leit, déi déboutéiert sinn, probéieren, trotzdeem se hir Rechtsmëttelen zu Lëtzebuerg ausgeschäfft hunn, mat där Promesse d'embauche kënnen hei ze bleiwen, andeem se a sech indirekt domadder beweise wëllen, dass si Integratiounsméiglechkeeten hunn. Net nëmmen iwwert hir Kanner, déi an der Schoul sinn, mä och iwwert déi Tatsaach, datt si kéinte selwer fir hiren Ënnerhalt opkommen. Wat do derbäi kënnt vun Zuelematerial, an dat ass sécherlech keng Freed, dat ass, dass 2.360 nei Demandes d'asile zu Lëtzebuerg komm sinn. Dat heescht also, nom Krich a Jugoslawien.

Eng Klammer op: Ech weess wuel, dass et hei net nëmmen ëm den Accord de réadmission mat Jugoslawien geet, mä et ass deen, dee fir Lëtzebuerg am meeschte Problemer stellt, an dofir wëll ech och um Beispill vu Jugoslawien hei argumentéieren. Am Joer 2001 waren et 436 Demanden. 2002 sinn et der de Moment bal 900. Dat heescht mir hunn, zënter dass de Krich a Jugoslawien eriwwer ass, méi wéi 2.200 nei Demandë fir zu Lëtzebuerg Asyl ze froen. Dat ass natierlech eng problematesch Situatioun. Besonnesch da wann ee bedenkt, wéi vill dat par rapport zu eiser Populatioun schlussendlech ausmécht.

Während der Procédure d'asile, an dat ass wichteg ze wëssen, kréien déi Leit, déi Demandeure gehollef. Si kréien e Logement gestallt an eng kleng Indemnitéit. A wann ech richteg informéiert sinn, an d'Indemnitéit net geännert huet, dann ass déi ongeféier 250 Euro de Mount.

***(Interruption)***

Neen, neen, dorobber kommen ech nach. Während der Prozedur, hunn ech gesot. No der Prozedur hu se theoretesch keng Rechter méi. Et sief dann, si hätten e Statut de tolérance, well se net kënne rapatriéiert ginn, well keng Pabeieren do sinn, well d'Situatioun an hirem Heeméchtsland eng ass, wou et net zoumuttbar ass, fir se zréckzeschécken, an dee Moment gëtt hir Indemnitéit op d'Halschent erofgesat. Déi, déi en fin de droit sinn, an déi, déi kee Statut de tolérance hunn, hu logescherweis dann och keng Hëllefe méi, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Wou wunnen déi Leit? Ënner anerem iwwer 200 Leit am Don Bosco, wou duerch Questions parlementaires, déi d'Renée Wagener hei gestallt huet, duerch Artikelen a verschiddenen Zeitungen, eis kloer ass, dass do en Zoustand herrscht, deen eigentlech inakzeptabel ass, ob déi Leit elo en fin de droit oder en procédure sinn. Mir hunn eis dat zu enger ganzer Partie Fraen d'lescht Woch eng Kéier ugekuckt. Deen Zoustand ass wierklech schrecklech. Do sinn net nëmme Kanalisatioune futti, do lafe Waasserleitungen, wann een erakënnt, hätt ee praktesch misse mat Gummisstiwwelen eragoen. Do wunnen an engem Gemeinschaftsraum dräi, véier Familljen, Raum, deen einfach ofgedeelt ass mat Rideauen, wou eng eenzeg Fënster dran ass, déi net opgeet, a wou jiddfereen natierlech alles matkritt, wat sech an deenen anere Familljen hannert de Rideauen ofspillt. Et ass vu schwätzen, vu fëmmen emol net geschwat ginn.

Et ganz kloer eppes ass, dass dat eng Situatioun ass, déi Lëtzebuerg net würdeg ass, déi och deene Leit net würdeg ass, déi ënnert deenen Ëmstänn musse liewen. Mä virun allem huet et fir mech eppes kloer gemaach, dass Leit, déi bereet sinn ënnert deenen Ëmstänn ze liewen, an trotzdeem hei bleiwe wëllen, wierklech an esou enger schwiereger Situatioun sinn, dass se absolut keng Perspektiven doheem hunn, well soss géife se net heibleiwen.

Dat ass natierlech eng schwiereg Situatioun, an net nëmme fir déi Responsabel, déi an dëser Matière zu Lëtzebuerg schaffen, an déi net ze beneide si fir hir Verantwortung op deem Gebitt. Et ass ze vill eng schwiereg Situatioun, fir eng bëlleg Polemik ze maachen, mä net ze schwiereg, fir ze probéieren, aus dëser schwiereger Situatioun erauszekommen, ouni d'Diere sperrangelwäit opzemaachen a gläichzäiteg awer se net komplett zouzemaache fir déi Leit, déi schonn am Land sinn.

Ech muss dofir e bëssen aushuelen an domadder ufänken, wat e Flüchtling ass, well zu Lëtzebuerg leeft alles ënnert der Rubrik Flüchtlingen, déi, déi erakommen, déi, déi e Flüchtlingsstatut ufroen, déi, déi ee kritt hunn, déi, déi déboutéiert gi sinn, an och déi, déi ni een ugefrot hunn. E Flüchtling ass deemno eppes ganz Präzises. Déi Definitioun steet an der Genfer Konventioun. Réfugié geet a sech duer. Et brauch een net nach e politesche Flüchtling drunzehänken, well dee Begréff gëtt et och. E Flüchtling ass, der Genfer Konventioun no, ee bei deem unerkannt ginn ass, dass en aus sengem Heeméchtsland fortgaangen ass, well en eng justifiéiert Angscht huet, persécutéiert ze ginn, aus Ursaachen, déi mat senger perséinlecher Situatioun, mat senger individueller Situatioun zesummenhänken. Sief dat elo wéinst senger Rass, wéinst senger Relioun, senger Appartenance un e Groupe social oder un e Groupement politique.

Déi Leit, déi heihinner kommen, besonnesch zënter deene leschte Joren, si wahrscheinlech zu engem ganz groussen Deel keng Flüchtlingen am Sënn vun der Genfer Konventioun. Och dat muss ee soen. Et si wahrscheinlech, wéi et och vu Lëtzebuerg aus ëmmer rëm gesi ginn ass, éischter Wirtschaftsflüchtlingen, déi aus hirem Land fortginn, well se bei sech selwer keng Perspektiven hunn. Dat ass also och nach näischt Mënschenonwürdeges, näischt Onverständleches. Mir haten de Besuch d'lescht Joer a virun enger Woch vun engem Lëtzebuerger, deen ausgewandert ass an de President vun der Chambre des Représentants an Amerika ass. Deem seng Famill ass sécherlech och deemools net ausgewandert, well et hinnen hei blendend gaangen ass. Si sinn also integréiert ginn, an och dat misst haut zu Lëtzebuerg méiglech sinn. Och wéi mat eisen italieneschen a portugisesche Matbierger, déi mer wuel net expressis verbis siche gaange sinn, fir heihinner déi Aarbechtsplazen ze besetzen, déi d'Lëtzebuerger net besetze kënnen oder wëllen.

Mir wëssen, an dat muss och gesot ginn, dass heiansdo Identitéitspabeiere verschwannen, fir Geschichten ze konstruéieren, déi méi no an de Beräich vun engem Flüchtling no der Genfer Konventioun erukommen, fir also an eng Prozedur eranzekommen, wou während der Prozedur ee jiddefalls gewësse Rechter huet. Et kann een also domadder concluéieren, dass déi Procédure d'asile och zu Lëtzebuerg instrumentaliséiert gëtt. Wa mer dat wëssen, dann ass dat eng Tatsaach, mä da muss ee vläicht awer och kucken, firwat dat esou ass. Menger Meenung no, ass dat éischtens aus där Ursaach, well et och zu Lëtzebuerg Europa ass, a well et eppes gëtt, wéi dat wat ausserhalb vun der Europäescher Unioun Festung Europa heescht.

E klenge Rappel op eist Gesetz vun 1972, d'loi sur l'entrée et le séjour des étrangers au Luxembourg, wou ganz kloer de Prinzip erausgeet, dass Net-EU-Bierger, wa se wëllen an d'EU liewen a schaffe kommen, praktesch keng Chance hunn, dat op engem reguläre Wee ze maachen. Et sief dann, dass se eng Aarbecht, eng Capacité professionnelle hunn, déi zu Lëtzebuerg gebraucht gëtt an déi et zu Lëtzebuerg net géif ginn.

Dat heescht och, dass d'Leit, déi vun ausserhalb vun der EU era wëlle kommen, normalerweis e Permis de travail aus hirem Ursprongsland froe mussen, fir kënnen an de Benefiss vun engem Permis de séjour ze kommen. A wéi gesot, dee Permis de travail kréie se nëmmen ënner ganz, ganz restriktive Bedingungen, et sief, et handelt sech - an ech ka mer dat net verknäifen, nach eng Kéier dorop hinzeweisen - ëm déi sou genannten Artistinnen aus eise Cabareten, déi, soubal wéi se e Kontrakt hunn, hir Autorisatioun kuerzfristeg, temporaire a plus ou moins automatesch kréien, an doduerch probéieren no engem éischte Séjour eventuell nach eng Kéier zréckzekommen, well et no enger Lëtzebuerger Reglementatioun méiglech ass, am Laf vun 12 Méint zweemol dräi Méint heihinner zréckzekommen.

Oder awer vläicht, fir méi laangfristeg vun ausserhalb vun der EU op Lëtzebuerg ze kommen, ee sech mat engem EU-Bierger, respektiv enger EU-Biergerinn bestuet. Et sief dann, dass dee Mariage net hällt a se, aus iergendenger Ursaach, virun enger Period vun dräi Joer no dem Bestietnis ausernee ginn. Dann hunn nämlech déi Leit, déi sech mat Lëtzebuerger bestuet hunn, contrairement zu deem, wat geduecht gëtt, keen individuellt Recht op d'Heibleiwen a si kënnen dann expulséiert ginn, well si hunn eng Autorisation de séjour, déi un hire Mariage gebonnen ass a si kréie keng individuell Autorisation de travail bis de Mariage minimum dräi Joer gedauert huet.

Dat heescht am Kloertext, Dir Dammen an Dir Hären, dass dat meeschtens där Frae sinn - jiddefalls si mir der bekannt -, déi sou ze soen iwwer e Katalog op Lëtzebuerg importéiert ginn, fir hei bestuet ze ginn. A wann dee Mariage aus iergendwellecher Ursaach, wéi beispillsweis Violence domestique, net klappt, also ausernee geet, ier déi dräi Joer nom Datum vum Mariage ofgelaf sinn, dann hunn déi Leit, déi Partnerinnen, déi Partner, déi offiziell bestuet sinn, keen individuellt Recht zu Lëtzebuerg ze bleiwen. Et ass also sënnlos ze denken, dass d'Bestuede e geniale Moyen wier, fir zu Lëtzebuerg zu reguläre Pabeieren, zu individuellen Autorisatiounen ze kommen, fir heizebleiwen, oder awer och fir hei ze schaffen.

Dat heescht also, wa mer kucken, iwwer wat fir ee Moyen een op Lëtzebuerg kann erakommen an eventuell ka bleiwen, dann handelt et sech do haaptsächlech ëm potentiell Victimë vun der Violence, ob dat de Mënschentrafik ubelaangt, wéi bei de Kabarettisten, oder awer déi Fraen, déi op Katalog erausgesicht gi sinn an heihinner kommen an der Hoffnung, sech ze bestueden a sech dann hei op eege Fauscht eventuell en neit Liewen opzebauen. Dat zur Festung Europa.

Dat zweet Argument, firwat d'Situatioun zu Lëtzebuerg vläicht méi schwiereg ass wéi op anere Plazen, ass, well mir eng Asylgesetzgebung hunn, déi eréischt 1996 a Kraaft getrueden ass a relativ restriktiv ass, déi virun allem awer e groussen Hoken huet, an zwar deen, dass se contrairement zu anere Länner kee Statut secondaire oder Statut humanitaire fixe virgesäit, deen et géing erlaben, deene Leit, déi net an de Kader vun der Genfer Konventioun falen, trotzdeem eng Méiglechkeet ze ginn, hiert Liewen hei ze maachen, wann déi konkret Situatioun aus där si kommen, dat géing justifizéieren.

Mir hunn an eisem Gesetz eng Dispositioun iwwer Raisons humanitaires opgrond vun deenen d'Leit kënnen heibleiwen. Mä och déi gëtt net onméisseg ugewannt. Wa meng Informatioune richteg sinn, da waren dat am Joer 2000 op 1.804 Demandë just 17 Akzeptatiounen op Basis vun där spezieller Fro. An dofir hätt ech an deem Zesummenhang eng Fro: Ass et méiglech gewuer ze ginn, wéi oft an de Joren 2001, respektiv 2002 déi Raisons humanitaires am Kader vum Asylgesetz ugewannt gi sinn?

Déi drëtt Ursaach, firwat mer de Problem an deem Ausmooss zu Lëtzebuerg hunn, ass, a mengen Aen, duerch d'Regulariséierung, déi net iwwer e Gesetz mä iwwer eng Prozedur virgeholl gëtt, an esou iwwert dee Wee nëmmen en Deel vun deene Leit, déi en situation irrégulière waren, konnte regulariséiert ginn. Wann do aktuell Zuele bekannt wieren - grosso modo 2000 Leit -, wier et sécher utile se hei gewuer ze ginn.

Déi véiert Ursaach, déi d'Situatioun erkläert, ass déi, dass mer zu Lëtzebuerg e Statut de tolérance hunn, deen et fir Leit gëtt, déi en fin de droits sinn, mä net kënnen expulséiert ginn. Där sinn et am Joer 2000 anscheinend genau 16 gewiescht. Dat sinn der also relativ wéineg. An wa mer da vun deene 5.000 Auslänner, déi an enger irregulärer Situatioun waren, déi Zifferen ofzielen, déi ech elo genannt hunn, schwätzen mir also hei vu ronn 1.000 Leit, déi, aus Ursaachen, déi mat eiser Prozedur zesummenhänken, an esou enger Situatioun sinn, e puer Joer schonn hei sinn, deelweis integréiert sinn, soit iwwert d'Sprooch, soit iwwert d'Kanner, déi an d'Schoul ginn, soit iwwert d'Méiglechkeet hiert eegent Liewen zu Lëtzebuerg ze verdéngen, an déi et trotzdeem, wéinst eiser restriktiver Gesetzgebung op verschiddene Punkten, schwiereg bis onméiglech gemaach kréien, zu Lëtzebuerg ze bleiwen.

Ech wëll duerfir kuerz en Arrêt vun der Cour européenne vu Stroossbuerg rappeléieren, deen de Prinzip festhält, dass e Stat responsabel ass fir d'Situatioun vun den Auslänner, wa se an en anert Land zréckgefouert ginn, wéi dat wou se hierkommen. Et ass also net dat Land, wou d'Leit ukommen, wat responsabel ass, mä dat Land, wou se fortkommen.

Ech wëll och kuerz drun erënneren, dass, um Niveau vun der Europäescher Unioun ee Livre vert ausgeschafft ginn ass iwwer eng Politique commune en matière de retour des personnes en séjour irrégulier. Dee Livre vert datéiert vum 10. Abrëll 2002 an tendéiert am Fong dohinner, eng Politique commune de réadmission, dat heescht eng Approche globale iwwert d'Immigratioun, de Recours an d'Regularisatioun ze huelen.

An ech denken, dass heibanne keen ass, deen drun zweifelt, dass dat, dat néidegt Instrument wier, fir kënne virunzekommen a fir ze évitéieren, dass net duerch e besonnesch favorabelen Traitement vun den Auslänner an engem bestëmmte Land, déi domadder gestrooft ginn, andeems si besonnesch vill Neier kréien.

Dat kann et net sinn, an dat däerf et och net sinn, an dofir muss et och, op kuerz oder laang, eng gemeinsam Politik iwwert d'Immigratioun an d'Regularisatioun ginn. An ech hoffen och iwwert d'Integratioun, well dat ass, menger Meenung no, och en Haaptelement an dësem Problemberäich.

Ech wëll kuerz eng Situatioun aus dësem Livre vert virbréngen an déi hei zur Reflexioun op den Dësch leeën. Op der Säit 8 steet: „L'exercice d'un emploi est un fait qui doit être considéré comme une reconnaissance des besoins du marché du travail et comme le résultat d'une réflexion sur les difficultés que pose la mise en oeuvre dans des conditions satisfaisantes des politiques en matière de retour".

Dat heescht also, a mengen Aen, kloer, dass, wann et méiglech ass, de Leit, déi irregulär an engem Land sinn, eng Aarbecht ze verschafen an hinnen eng ekonomesch Selbststännegkeet ze maachen, da misst dat, den Indikatiounen aus dem Livre vert no, déi eigentlech relativ rar considéréiert ginn, och wann et en déckt d'Dokument ass, eng Manéier sinn, fir de Retour ze évitéieren, well et esou ze soen, och eng Présomption d'intégration géif duerstellen.

Ech wëll och op den Avis vun der Commission consultative des droits de l'homme zu Lëtzebuerg hiweisen, déi den 19. November matgedeelt huet, dass si amgaang sinn un engem Avis iwwert dës Problematik ze schaffen, a si sech de Moment géifen drop beschränken ze soen, dass si iwwert déi Manéier, wéi déi Retouren operéiert ginn, manner wéi frou wieren, an dass si virun allem denken, dass d'Regierung net alles gemaach hätt, wat mënscheméiglech gewiescht wier, fir déi Retours forcés ze évitéieren. Mir sinn also op de kompletten Avis vun dëser Kommissioun, dee fir ausganks dëses Joers oder uganks d'nächst Joer ugekënnegt ass, gespaant.

Wa mer vu Retours volontaires schwätzen, dann ass et kloer, dass mer vun enger Préparatioun op den Départ, vun engem Accompagnement vun deene Leit, déi sollen zréckgeféiert ginn, a vun enger fachlecher Berodung vun deene Leit, déi vun haut op muer no enger gewëssener Zäit vu Joren, hiert Liewen erëm musse komplett ëmstellen, an zwar ënner Ëmstänn, déi mir eis hei zu Lëtzebuerg kaum nach virstelle kënnen, schwätzen.

Dofir fannen ech, dass d'Propositioun - déi scho gemaach ginn ass - an dëser Matière vun enger ONG zu Lëtzebuerg iwwer e Médiateur, sécherlech net déi leschte wier, déi ee kéint envisagéieren. Si hätt du moins den Avantage, fir d'Versteesdemech op där enger an op där anerer Säit ze verbesseren, wann de Retour volontaire net méiglech ass an de Retour forcé, natierlech vu Fall zu Fall, mol ustoe kann.

Mir sinn eis eens, dass dat klengt Lëtzebuerg net de Misär vun der ganzer Welt kann opfänken. Ech sinn awer der Meenung, dass d'Gesetzer mussen applizéiert an Uerteler exekutéiert ginn, mä et hänkt dann awer och nach ëmmer of vum Inhalt vun de Gesetzer, vun der Entstehungsgeschicht vun deenen Uerteler a vun der Zäitdauer, déi ee brauch, fir déi Uerteler zustanen ze bréngen.

Zu Lëtzebuerg gëtt et dat Gesetz iwwert den Asyl zënter 1996, an haut gëtt et Leit, déi op Basis vun deem Gesetz während e puer Joer an der Prozedur waren, déi, nodeem se déboutéiert gi sinn, nodeem se keng Rechter méi hunn, en fin de droits sinn, am Fong sollen heemgefouert ginn, déi während hirem jorelaange Séjour zu Lëtzebuerg awer am Integratiounsprozess dra sinn. Si hu Lëtzebuerger kenne geléiert. Si hu Sprooche geléiert. Si hunn hir Kanner hei an d'Schoul geschéckt. Si hu Sport gemaach an hu sech déplacéiert. Si hu sech also op iergendeng Aart a Weis integréiert, och dann, wann et hinnen aus evidenten Ursaache verbuede ginn ass ze schaffen, wou se awer dann erëm vun engem Deel vun der Opinion publique virgeworf kréien, si wären alleguerte liddreg, well se näischt géinge schaffen an op d'Käschte vum Stat wëllte liewen. Si kréien d'Autorisatioun fir ze schaffe während der Prozedur net, fir hinnen net nach e Moyen supplémentaire d'intégratioun zu Lëtzebuerg ze ginn, an dat bréngt hinnen dann au contraire de Reproche an, si wieren net capabel oder net gewëllt, fir hiren eegenen Ënnerhalt selwer opzekommen.

Dass déi Leit dann elo während enger Zäit hei sinn an net geschafft hunn, ass also net hir Schold. Si hu vläicht näischt dergéint gehat. Et huet se vläicht arrangéiert, dass, wéinst där grousser Zuel vun Demanden, dat zu Lëtzebuerg méi laang gedauert. Jiddefalls froen ech mech, ob et normal ass, dass de Stat ënnert deene Bedingungen, wou d'Leit hei bliwwe sinn, well d'Prozeduren esou laang gedauert hunn a se sech deelweis integréiert hunn, net haut kënnt e Geste maachen, fir déi Leit, déi wéinst eise Prozedure laang hei waren, sech iwwer eng regulär Aarbecht kënnten och finanziell op eege Féiss stellen a kënnten hei bleiwen, sief et während enger limitéierter Zäit, déi beispillsweis kënnt duergoen, fir dass hir Kanner, déi sech no ufänglech grousse Schwieregkeeten an der Schoul integréiert hunn, net erëm eraus musse gerappt ginn, fir an enger anerer Schoul sech erëm mussen ze integréieren, wou se natierlech déiselwecht Schwieregkeeten erëm kréie wéi déi, déi se hei haten, wéi se ugefaangen hunn.

Ech wëll Iech elo e Beispill soen, wat misst duergoen, fir nach eng Argumentatiounshëllef ze gi fir déi Leit, déi elo scho jorelaang hei sinn an déi eng Aarbecht géinge fannen.

Zu Lëtzebuerg hu mir op der Procédure d'asile deen niddregsten Taux de réussite a ganz Europa. Am Joer 2000, well déi aner Chifferen hunn ech net aktuell, sinn zu Lëtzebuerg iwwert den Asyl 0,9% Demanden akzeptéiert ginn. D'Moyenne européenne, Dir Dammen an Dir Hären, ass 20%. Mir sinn also do ielewäit vun der Moyenne ewech. Mir sinn nach vill méi wäit ewech vun der Situatioun an deene Länner, wou et vill, vill besser klappt. Ech schwätzen do haaptsächlech vun deene Länner aus dem Norden, déi alleguerten, sans exception, e Statut B hunn, dat heescht eng Protection assimilée op d'Réfugiéen, déi awer kee Réfugiésstatut en termes clairs ass.

Ech ginn Iech d'Beispill Dänemark. Am Joer 2000 sinn an Dänemark 9% vun den Demandes d'asile ugeholl ginn als Réfugié no der Genfer Konventioun. 43% hunn de Statut de protection subsidiaire kritt. Dat heescht, si konnten an Dänemark bleiwen. Si hunn e Permis de séjour kritt. Si hunn e Permis de travail kritt. Si hunn e Programme individuel d'intégration kritt, mat Sproochenhëllef, mat Preparatioun op Aarbecht an esou weider. Mir kënnen also soen, dass wann an Dänemark no enger Procédure d'asile, bei där iwwwert d'Halschent vun de Leit integréiert ginn ass, oder am Land ka bleiwen, dass déi aner Halschent dann ausgewise gëtt, ass eng Saach. An do mengen ech, ass et och logesch ze soen, et kann een net endlos probéieren déi Leit, déi irregulär sinn, an engem Land ze halen. Et ass net de Fall, a mengen Aen, wann et wéi zu Lëtzebuerg en Taux de réussite gëtt, deen esou niddreg läit a wou et net nëmmen ëm Nummere vun Dossieren geet mä ëm Leit, deenen hir Kanner hei an d'Schoul ginn, ëm Leit, déi hei nei Partnerschaften ugefaangen hunn, ëm Leit, déi hei kënnte schaffen, wa se dierften, an ëm Leit, déi Patronë fonnt hunn, déi bereet ware se anzestellen.

Ech denken, dass fir dee klengen Deel...

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Madame Err, hutt Der och gekuckt aus wéi enge Länner déi an Dänemark komm sinn, déi d'Basis si vun Äre Chifferen, aus wéi engen diversifizéierte Länner, a wou Dir de Verglach gemaach hutt mat dem Pays d'origine vun deenen, déi bei eis de Statut vum Réfugié gefrot hunn?

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Ech hunn dat gemaach, Här Minister, an ech hu festgestallt, dass d'Nationalitéiten an deene Länner do uewe sécherlech méi variéiert sinn, wéi bei eis. Dat ass awer, menger Meenung no, keng Erklärung fir eis, au contraire, et spillt a sech géint eis. Well wann an Dänemark 50% vu de Leit, déi aus der ganzer Welt kommen, net nëmmen haaptsächlech aus Zentraleuropa, mä och aus Pakistan, Afrika an aus Asien, kënnen integréiert ginn, a se do mussen eng Sprooch léieren, déi sécherlech mindestens esou schwiereg ass wéi eis, da fannen ech, dass Dänemark beweist - Finnland huet iwwregens eng ähnlech Situatioun - dass seng Capacité d'intégration jiddefalls vill méi grouss ass wéi eis, well et huet net eng Population d'origine un deene sech kënnten déi nei Demandeurs d'asile rattachéieren, an et huet vill méi eng grouss Variétéit. Also wier d'Kohäsioun zu Lëtzebuerg sécherlech mat vill méi Leit aus där selwechter...

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.* - Ech schwätze vum Taux de reconnaissance, Madame Err. Wann am leschte Mount zu Lëtzebuerg vun honnert neien Demandeurs d'asile se bal alleguer aus Jugoslawien komm sinn, a wann een a sechs Méint kuckt, wéivill der vun deenen unerkannt sinn, da kann ech elo scho bal soen, datt do 0% ass. Wann een also aus engem Land, wat net an enger Situatioun vun Oppression politique oder Conflit armé ass, kënnt, a vu datt eis Chiffere vun deene leschten dräi Joer quasi ausschliesslech sech baséieren op Demandeuren, déi aus Ex-Jugoslawien kommen, erkläert dat en Taux de reconnaissance vum Statut vum Réfugié, deen anescht ass, wéi deen a Länner, wou et méi diversifiéiert ass. Ech wollt dat just soen. Et kann een ënnerschiddlech Jugementer doriwwer ginn, ech mengen, dat ass an der Politik normal, mä et muss ee Chifferen och verstoen à la lumière vun de Basen, déi zu deene Chiffere féieren.

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Ech si ganz mat Iech d'accord, dass déi Situatioun zu Lëtzebuerg eng aner ass, wéi an deenen anere Länner, an ech sinn och d'accord, dass déi Demanden, déi mer elo hunn, an deenen nächsten zwee, eventuell dräi Joer missten en anere Sort kréien, méi rapid behandelt ginn, an och méi rabiat behandelt ginn, wéi dat virdrun de Fall war, wéi déi Leit aus engem Krichsgebitt komm sinn.

An ech kommen elo op déi Demanden, déi nom Krich aus Jugoslawien oder aus Zentraleuropa hei zu Lëtzebuerg ukomm sinn. Ech wollt just mäi Räsonnement, wat ech ugefangen hunn, fäerdeg maachen, an Iech froen, Dir Dammen an Dir Hären, a virun allem Iech Här Minister, ob et net richteg wier ze soen, dass vis-à-vis vun deene Leit, déi wéinst eiser Inadaptitude, wat d'Prozeduren ubelaangt, jorelaang hei waren, déi sech iwwert d'Schoul oder iwwer aner Moyenen ugepasst hunn, eppes besteet wéi eng Présomption d'intégration vun deem Moment un, wou se kënne schaffe goen an hiert eegent Liewe bestreiden. Ech denken, dass och dat misst kënnen eng Ursaach sinn, fir där limitéierter Zuel vu Leit e Recht ze ginn, zu Lëtzebuerg kënnen ze bleiwen.

Dat heescht net, dass Dir dann, Här Minister, well Dir haalt jo ëmmer ganz staark drop, fir ze soen, Dir wëllt Iech un d'Gesetzer halen, och wann Dir dat géift maachen, wat ech Iech elo suggéréieren, da wier Dir ëmmer nach am Kader vum Gesetz, well d'Gesetz dem zoustännege Minister ëmmer d'Méiglechkeet gët eng Ausnahm ze maachen, eng Ausnahm, déi justifiéiert ass an no objektive Kritäre kënnt praktizéiert ginn, déi sech aus enger Situatioun eraus als logesch erweist, an déi wéinegstens fir eng Zäit, vu Fall zu Fall, deene Leit, déi haut matten am Wanter solle rapatriéiert ginn, eng Chance gëtt eventuell eng Zäitchen nach hei ze bleiwen, ouni domadder hinnen d'Illusioun ze ginn, dass dat op ëmmer an éiweg kënnt sinn.

Ech mengen, dass net all déboutéiert Demandeurs d'asile ënnert déi Kategorie falen, an ech sinn der Iwwerzeegung, dass déi Demandeuren aus deene leschte Joren net kënnten déi Prezedenzfäll, déi ech Iech suggéréieren, invoquéieren, fir deen nämlechte Regime ze kréien, well d'Situation de départ eng ganz anescht ass.

Déi Leit, déi haut, déi gëschter an déi d'virlescht Joer heihinner komm sinn, sinn an enger anerer Situatioun, a wat se manner laang hei sinn, wat et sécher méi logesch gëtt, dass déi Prozeduren, an deene se sinn, méi schnell eriwwer sinn, an dass déi Leit kënnte vu virera kloer gemaach kréien, dass wa si dann net an dee klengen Deel vu Réussite fale vun der Convention de Genève, si mussen heemgoen. Mä och dann, an do sinn ech op mengem subsidiaire Punkt, mengen ech, dass ee misst kucken, dass zu Lëtzebuerg déi Réckféierungen esou gemaach ginn, dass se an Uerdnung wiere par rapport zu der Transparenz a par rapport zu der Sécurité juridique. Déi zwee Aspekter sinn de Moment zu Lëtzebuerg op jidde Fall net garantéiert.

Ech wëll Iech dofir nach eng Kéier déi Pabeiere recommandéieren, déi um Niveau vum Conseil de l'Europe ausgeschafft gi sinn am September 2001, dat heescht iwwer ee Joer hier, vum Commissaire européen des droits de l'homme, eng Recommandatioun, déi am Fong preziséiert ginn ass an enger Recommandatioun vun der Assemblée parlementaire, déi am Ufank vun dësem Joer ugeholl ginn ass. Ech wëll Iech just ganz kuerz e puer Saachen aus dëse Recommandatioune soen.

Éischtens dräi Prinzipien - an ech liesen Iech se vir, well et héiert sech sécherlech besser un, wéi wann ech probéiere se ze iwwersetzen:

„La procédure doit répondre à trois caractéristiques:

- La procédure doit être suivie au cours de ses trois étapes: au moment de la préparation du départ, pendant le voyage et le temps de la réintégration au retour.

- La sécurité et la dignité des personnes commandent une certaine individualité de chacun, même si cela peut paraître absurde face au nombre élevé des cas à traiter par jour par les autorités compétentes". Mir sinn hei am Kader vum Artikel 33 vun der Genfer Konventioun.

- Déi drëtt Charakteristik: „Afin de créer un climat de confiance, la procédure d'expulsion ou de refoulement doit être confiée prioritairement à des personnes spécialement formées. L'intervention des forces de l'ordre devrait être limitée aux personnes réellement violentes."

Da kënnt e Saz, deen am Fong ganz gutt resüméiert, wat herno am Detail hannendru kënnt: „Les pratiques d'expulsion ou de refoulement se déroulent trop souvent dans une sorte de vide juridique ou en dehors de cadres législatifs, dans des contextes plus ou moins secrets où le recours à la force semble être toléré ou n'en est en tout cas pas exclu.

Afin que les Etats respectent les trois caractéristiques ci-avant, l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe recommande:

- de mettre en place un contrôle indépendant des procédures d'expulsion, par exemple par l'institution d'observateurs d'ONG, de médiateurs ou d'ombudsmans;" - d'ASTI huet also och op dësem Gebitt hei näischt erfonnt, mä am Fong sech inspiréiert u Recommandatiounen, déi et op internationalem Niveau gëtt -

„de faire en sorte que tout étranger visé par une procédure d'expulsion ou de refoulement bénéficie d'une prise en charge qui soit individualisée, globale et suivie, à tous les stades de la procédure pendant la préparation du départ et au retour dans son pays."

Ech mengen, datt ech et mir erspuere kann d'Detailer opzezielen. Ech stellen just fest, datt all déi Recommandatiounen, déi et um Niveau vum Conseil de l'Europe gëtt, zu Lëtzebuerg, menges Wëssens jiddefalls, net praktizéiert ginn, an datt mir doduerch wierklech géife gutt drun doen, eis un déi Recommandatiounen ze halen, déi et um internationale Plang gëtt, well déi si jo alleguerten net aus der Loft gegraff.

Wënschenswäert wier et natierlech, datt et um Niveau vun der Unioun géing eppes, wéi eng Harmonisatioun ginn, wat d'Prozedure vum Retour ubelaangt. Duerfir denken ech, datt et wichteg wier engersäits ze ënnerscheeden zwëschent deene Leit, déi jorelaang hei sinn, well eis Prozeduren ze laang gedauert hunn, deene Leit, déi Kanner an der Schoul hunn an eng Aarbechtsplaz kënne kréien an deene Leit, déi nom Krich aus Jugoslawien heihinner komm sinn, déi Prozeduren ageleet hu vun deene mir wëssen, datt déi Prozeduren am Fong nëmmen dofir mat grousser Wahrscheinlechkeet agereecht gi sinn, well keng aner Méiglechkeet bestanen huet, fir während enger Zäit wéinstens regulär zu Lëtzebuerg kënnen ze séjournéieren.

Ech géif duerfir denken, datt och d'Saison de Moment ubruecht ass, fir ze plädéieren, fir sech d'Retoursprozeduren genau ze iwwerleeën a sech wierklech d'Méiglechkeet ze ginn, déi Konditioune vun deene Retouren esou anzepaken, datt se och fir d'Lëtzebuerger Bierger a Biergerinnen akzeptabel sinn.

Ech wëll zum Schluss kommen, andeem ech mäi Parteipresident zitéieren, deen anlässlech zum 100-jährege Gebuertsdag vun och menger Partei Folgendes gesot huet: „Als Lëtzebuerger versti mir eppes vu Solidaritéit mat deenen, deenen et méi schlecht geet wéi eis, well mir an der Geschicht dacks bei deene waren, déi aus hirem Land gedriwwe gi sinn, dëst a Krichszäite wéi och an Zäite vun ekonomescher Nout. Den Ëmgang vu Lëtzebuerg an der Flüchtlingsfro ass eng schwiereg Fro fir déi, déi direkt politesch Responsabilitéit ze droen hunn.

Engersäits ass d'Mënschlechkeet net d'Saach vu Gesetzer oder Geriichtsuerteeler, anerersäits verlaangt de Rechtsstat, datt d'Gesetzer an d'Décisioune vun der Justiz gëuecht ginn. Eisem Land ass scho villes gelongen, och a puncto Mënschlechkeet. Vläicht geléngt et eis, no enger Otempaus, d'Zréckféierung vun deene Familljen, déi sech bei eis eng nei Chance erschafft hunn, fir en neit Liewen unzefänken, méi als Ausnahm wéi als Regel unzegoen. Mir sollten et fäerdeg bréngen dee Sputt, deen d'Mënschlechkeet" - an ech géif derbäi setzen, besonnesch an Zäiten, wou et esou kal an esou no bei Chrëschtdag ass - „bei jiddfer Décisioun vun der öffentlecher Hand léisst, voll auszespillen."

Ech soen Iech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech dem Laurent Mosar merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, dee mir et am Fong geholl erméiglecht, a menger Interventioun relativ kuerz ze bleiwen.

Bei deenen heite Gesetzesprojeten handelt et sech ëm international Ofkommessen, déi tëschent de Benelux-Länner an de Länner Jugoslawien, Ungarn an der slowakescher Republik ausgehandelt goufen, fir d'Réadmissioun vun den nationale Bierger an hir respektiv Länner ofzesécheren. De Projet 5008 ass en internationalen Accord iwwert den Transit vu jugoslawesche Bierger, déi mat Autobus oder Zuch wëllen erëm heemgoen an do derbäi déi folgend Länner duerchkräizen - vläicht déi eng oder aner méi -: Albanien, Däitschland, Éisträich, Bosnien-Herzegowina, Kroatien, Ungarn, Italien, Slowenien an d'Schwäiz.

Dës Projete sinn an zwou Sëtzunge vun eiser Chamberskommissioun analyséiert ginn. Bei den Accords de réadmission handelt et sech ëm den Engagement tëschent de Kontraktparteien, datt si

hir national Bierger, respektiv Awunner aus Drëttlänner ënner bestëmmten Ëmstänn, déi an enger irregulärer Situatioun an engem anere Kontraktland sinn, erëmhuelen. Den Avantage vun dësen Accorden ass, datt all Land déi betraffe Leit erëmhëlt, wa bestëmmte kloer Exigenzen agehale sinn. Si keng Accorde virhanden, da muss all eenzel Réadmissioun nei négociéiert ginn.

Dës Accorde verbesseren deementspriechend d'Sécurité juridique tëschent de Länner. Kloer an einfach, respektiv pragmatesch Kritäre sinn zum Beispill, wéi een d'Nationalitéit feststelle ka vun engem betraffenen Asylant oder Flüchtling. Als Referenz gëllen natierlech offiziell Dokumenter, déi valabel sinn, wéi eng Carte d'identité, e Laissez-passer, e militäresch Dokument oder aner öffentlech Dokumenter, wéi zum Beispill e Führerschäin. Mä souguer konnte mir feststellen, datt Dokumenter, déi net méi onbedéngt valabel sinn, eventuell ofgelaf sinn, nach kënnen als Preuve gebraucht ginn.

Ech stelle fest, aus den Iwwerleeunge vun der Madame Err, datt si am Prinzip un den Accords de réadmission a sech näischt auszesetzen huet. Mir wëssen alleguer, firwat datt d'Accords de réadmission eng besonnesch Opmierksamkeet kréien. Mir hu Flüchtlingen aus Jugoslawien hei am Land an d'Prozeduren, déi doriwwer entscheeden, ob si bleiwe kënnen oder net, kommen no an no ëmmer méi zu engem Ofschloss, a wann déi geriichtlech Décisiounen ofgeschloss sinn, da muss eng Décisioun kommen. Wann dës Décisioun negativ ass a beseet, datt den Demandeur d'asile net de Statut vum Asylant kritt, da muss hien eist Land verloossen, respektiv heemgoen.

Mir konnten eis aus den Aussoen an aus den Erklärunge vum Justizminister an der Kommissiounssëtzung iwwerzeege loossen, datt déi bis ewell gemaachte Réckféierungen an eisen An uerdentlech iwwert d'Bühn gaange sinn, esou gutt déi volontaire wéi déi forcéiert Réckféierungen. Déi Accorden, déi mir haut sollen ofstëmmen, vereinfachen d'Prozedure vun de Réckféierungen. Si bidden eng Partie Garantië fir d'Leit an och fir d'Staten. Aus deem Grond wäert eis Fraktioun dës Accorde mat droen. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Prinzip sinn all Leit virum Gesetz gläich, mä et muss ee soen, datt wann een d'Immigratiounspolitik kuckt, da gesäit een, datt déi Gläichheet awer net besteet.

Déi Leit, déi sech schéi brav un d'Gesetzer halen, hir Demande eraginn, fir an d'Land ze kommen, wa se aus engem net EU-Land sinn, kréie ganz vill Schwieregkeeten, fir eng Genehmegung ze kréien, fir hei an d'Land ze kommen an hei ze schaffen. Par contre gesäit een, datt déi Leit, déi illegal an d'Land kommen an déi vun der Gesetzgebung vun de Réfugiés politiques abuséieren, dann herno akzeptéiert ginn, net onbedéngt well se Réfugiés politiques sinn - well déi allerwéinegst sinn dat -, mä einfach well d'Prozedure beim Stat esou laang gedauert hunn, datt een aus reng humanitäre Grënn keng Expulsioun méi virhuele kann.

Dat ass eng Situatioun, fir déi d'Regierung verantwortlech ass, well se net séier genuch reagéiert huet. Mir hu Leit hei, déi eng Procédure abusive ugaange sinn, a wou ee gemierkt huet, datt dräi Joer duerno, heiansdo souguer nach méi laang, déi Leit keng Äntwert kritt hunn, ob hir Demande justifiéiert wär oder net. Déi Leit hunn hei gelieft, si hu sech integréiert an doduerch ass et ganz schwéier, fir se herno um humane Plang nach eng Kéier an hir Heemécht zréckzeféieren.

Mä op där anerer Säit ass et awer och net richteg, datt mer an enger Situatioun sinn, wou déi Leit eng gewësse Faveur kréien, déi sech an där Situatioun befannen, vis-à-vis vun den Demandeurs, déi eng legal Immigratiounsprozedur wëllen duerchgoen.

Mir hunn dorobber hin an enger Motioun virun engem gudde Joer décidéiert, fir aus humanitäre Grënn verschidde Regularisatiounen duerchzezéien. Ech mengen, déi Motioun huet baséiert op Iddien, déi déi eenzel Fraktiounen eraginn haten an op engem groussen Débat, dee mer hei gefouert haten. Mir haten als ADR e puer Konditioune gesat, fir déi Regularisatioun duerchzezéien. Eng Haaptfuerderung dovunner war, datt déi Leit, déi hei am Land sinn, deenen hir Prozedur net akzeptéiert ginn ass, d'Méiglechkeet kréie sollten, iwwer eng Autorisation provisoire vu sechs Méint, fir eng Aarbecht hei am Land ze fannen an, wa se eng Aarbecht fonnt hätten, fir deen Ablack regulariséiert ze ginn.

Ech mengen, dat war eng Iddi, déi och vun der CSV an der DP gedeelt ginn ass, an et ass eng gemeinsam Motioun zréckbehale ginn, wou d'Regierung e ganz kloert Mandat an deem Sënn kritt huet, fir esou ze handelen. D'Regierung huet sech bis elo un dat Mandat gehal. Ech stelle fest, datt elo vun alle Riedner, keen ee Riedner bis elo gesot huet, déi Motioun wär hifälleg. Au contraire, si hu keen Amendement an deem Sënn eraginn, esou datt d'Regierung bis elo nach ëmmer dat Mandat huet, fir sech un déi Motioun do ze halen. Ech mengen, et ass och richteg, datt mer hei e ganz kloert Zeeche setzen, datt déi Motioun, déi vun CSV, DP an ADR, bei enger Enthalung vun der LSAP ugeholl gi war, nach weider Gültegkeet huet.

Et ass esou, datt an der Ausféierung vun där Motioun natierlech de Minister d'Responsabilitéit huet fir dee méi humanitäre Volet, deen och an der Motioun zréckbehale ginn ass, ze exekutéieren. Mir kënnen net als Chamber all eenzelen Dossier kucken an appréciéieren.

Här Minister, Dir an der Exécutive an et ass Är Responsabilitéit, fir dat duerchzezéien. Et ass kloer, datt dat keng einfach Missioun ass, mä ech mengen, dat Wichtegst ass, datt Dir Iech un d'Motioun vun der Chamber haalt. Et kann op jiddfer Fall net esou sinn, datt ee Leit regulariséiert, déi herno liewenslaang dem Stat um Niveau vum RMG géingen zoufalen, well se keng Aarbecht fannen oder keng wëlle fannen.

Et muss ee sech och d'Fro stellen, ob et net wichteg wär, fir déi Zuel vun neien Arrivanten erëm anzedämmen a ganz kloer Zeechen ze ginn, datt déi illegal Immigratioun muss en Enn kréien.

Här Minister, ech wier frou, wann Der ons géingt soen, wéi vill nei Demandes d'asile oder illegal Immigranten, wéi ee se elo wëllt nennen, an d'Land komm sinn zënter dem 1. Januar vun dësem Joer, a wéi laang augenblécklech d'Prozeduren daueren, bis datt eng Décision définitive, souwuel vu Säite vun der Regierung kënnt, wéi iwwert d'Prozedure bei de Geriichter.

Mir haten deen Ablack gesot, datt et net dierft iwwer sechs Méint daueren, all déi Prozeduren zesummen. Ech hoffe just nëmmen, Här Minister, datt mer net do gréisser Délaien hunn. Ech wier frou, wann Der ons, indikativ op jidde Fall, kënnt soen, wéi schnell déi meescht Dossiere ginn. A wann et néideg wär, Här Minister, wäre mer bereet, fir Iech ze ënnerstëtzen, wann eng Proposition de loi géing kommen, e Projet de loi géing kommen, deen d'Prozedure kéint accéléréieren. Well dat Schlëmmst, dat ass, wann déi Leit, déi hei eng Demande d'asile formuléieren, déi manifestement net motivéiert ka sinn, datt een do d'Prozeduren esou laang schleefe léisst, datt mer nees eng humanitär schwéier Situatioun kréien. Do huet d'Regierung d'Verantwortung, fir ze kucken, datt mer net an esou Situatioune kommen.

Mir wäerten Iech op jiddfer Fall ënnerstëtzen, wann Der humanitär Léisunge sicht, wann do mussen Décisioune getraff ginn, mä mir wäerten Iech awer och ënnerstëtzen, wann d'Regierung higeet an hir Responsabilitéite wëllt huelen, fir méi séier Prozeduren, sief et duerch gesetzlech Moossnamen, sief et duerch administrativ Moossnamen. Do sti mer hannerun Iech a mir stinn och hannerun där Motioun, déi mer hei mat enger grousser Majoritéit gestëmmt hunn.

Déi Accorden, iwwert déi mer hei diskutéieren, sinn absolut noutwendeg, fir kënnen ons Gesetzgebung duerchzeféieren. Wéi mir se diskutéiert hunn an der Prozedur, konnte mer feststellen, datt mat deenen Accorden effektiv eng humanitär Réckféierung méiglech ass. Mir géingen an deem Kontext soen, datt et wichteg ass, datt elo d'Exécutioun dovunner esou rapide wéi méiglech kann duerchgezu ginn. Ech wollt och den Accord vun der ADR-Fraktioun zu de Gesetzesprojeten an zu deenen Accorden alleguerte ginn.

E leschte Punkt, Här Minister, wollt ech awer nach uschwätzen. Ronn 10% vun de Leit maachen e Retour volontaire an hiert Land. Se kréien dann eng Prime, mä ech hu gehéiert, datt e gudden Deel vun deene Leit anscheinend - ee Fall ass mer elo emol bekannt -, wéi se d'Prime haten, erëm den Dag drop an d'Land zréck komm sinn an eng nei Demande d'asile ugaange sinn. Ech mengen, och dat sinn Abüen, déi mer net däerfen toleréieren a wou mer gegebenenfalls mussen iwwert de legislative Wee reagéieren. Well dat ass en Abus de droit caractérisé. Dat gesot, nach eng Kéier den Accord vun der ADR-Fraktioun zu deene virleiende Projets de loi.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer de Méinde beim Schäin vun den Adventskäerzen iwwert dëse Projet diskutéiert hunn, huet den Här Minister gemengt: Mécht ee Réckféierungen, jo oder neen? Dat ass e politesche Choix.

Ech ginn dem Här Frieden do fir eng Kéier Recht. Ech mengen och, datt dat e politesche Choix ass, deen d'Regierung geholl huet. Wa mer haut iwwert déi Accords de réadmission schwätzen, da geet et net einfach ëm eng reng technesch Fro, an do kommen ech vläicht och op dat, wat den Här Mosar virdru gesot huet. Wann et esou einfach wier, da kéint een natierlech an deenen Accorden och Virdeeler am Sënn vu méi Effizienz entdecken, mä et ass eng politesch Fro an et ass eng Fro vun der Motivatioun, déi hannert der Décisioun stécht, fir déi Accorden ze maachen. Si si jo d'Äntwert op eng prezis Fro, nämlech déi, ob et gerechtfertegt ass, haaptsächlech jugoslawesch Flüchtlinge vu Lëtzebuerg fort ze schécken.

Här President, déi Rechtfertegung stelle mir als Gréng aus verschiddene Grënn a Fro. Éischtens, et gëtt humanitär Grënn, déi Leit hei ze halen. Zweetens, Lëtzebuerg ass à même deen Effort ze maachen, fir déi Leit ze integréieren. Drëttens, et gëtt keng Gesetzer, déi eis dozou zwénge si auszeweisen. Véiertens, dat Land - an ech schwätzen dann elo haaptsächlech iwwer Ex-Jugoslawien - an dat mer ausweisen, ass net prett seng Leit opzehuelen.

Zum éischte Punkt, den humanitäre Grënn, wéilt ech och op deen Automatismus agoen, deen zurzäit zu Lëtzebuerg herrscht, wann eng negativ Entscheedung an der Asylprozedur gefall ass. Déi zitt dann nämlech automatesch d'Opfuerderung no sech d'Land ze verloossen. Et gëtt also keen individuellt Préife vun den Dossiere méi no där Entscheedung, an et ass och eppes, wat eng Rei vun ONG-en opgeworf hunn, ob dat eng korrekt Aart a Weis ass mat där Problematik ëmzegoen.

Et kéint een déi Dossiere jo och ënner anere Gesiichtspunkter préifen, wéi zum Beispill d'Situatioun am Heeméchtsland, d'familliär Situatioun, d'Méiglechkeet e Statut de tolérance ze accordéieren, an esou virun. Ech wéilt do de Livre vert vun der EU-Kommissioun, deen d'Madame Err virdru schonn zitéiert huet an dee wierklech e räichen Zitateschatz ass, zitéieren: „En dernier lieu, il y a lieu de souligner qu'il faut, dans tous les cas, tenir compte de la situation individuelle. Il convient de dûment tenir compte des droits de l'intéressé au regard des droits de l'homme et de la proportionnalité de la mesure, en particulier dans les cas d'extrème détresse, en ce qui concerne les motifs d'expulsion impérieux ou de détresse excessive, en ce qui concerne les autres motifs d'expulsion.

Just eng Klammer. Fir déi Leit, déi an där dote Situatioun sinn, kënnt et och ganz oft zu enger extrem prekärer Situatioun. Wéi mer mat de Fraen aus dem Don Bosco zesumme komm sinn, konnte mer eis dovunner iwwerzeegen, dass wann ee bis eng Kéier déboutéiert an opgefuerdert ginn ass d'Land ze verloossen, dass een dann awer och wierklech quasi näischt méi vun der Regierung kritt, fir ze iwwerliewen.

Zweete Punkt. Lëtzebuerg ass à même deen Effort ze maachen, fir déi Leit ze integréieren. Ech erënneren drun, dass mer hei zu Lëtzebuerg och eng Geschicht vun Integratioun vu Flüchtlingen hunn. Déi ass Enn de 70er Jore mat de vietnamesesche Flüchtlingen ugaang. Si ass an den 90er Jore weidergaang - iwwregens ënner engem CSV-Justizminister -, wou mer 1994 bal 500 Bosnier integréiert hunn, wou mer 1995 bal 1.000 Ex-Jugoslawen integréiert hunn an 1996 nach eng Kéier. An dofir denke mer, dass Lëtzebuerg eng grouss Kapazitéit huet, fir Leit ze integréieren, an dass dat och hei nach eng Kéier eigentlech kéint de Fall sinn.

Dofir versti mer am Fong och net, firwat déi heite Regierung an där Matière ganz anescht handelt. Iwwregens war dat oft guer keen Thema. Et ass weider net an der Öffentlechkeet driwwer debattéiert ginn. Et ass am Fong eréischt zënter e puer Joer, wou mer déi Fro esou polariséiert och mussen diskutéieren, well d'Regierung eng nei Attitude ebe geholl huet.

Bei der Regulariséierung am Joer 2001 hate mer och eng ganz Rei vun Demandeurs d'asile, déi hir Demande gestallt hunn an do sinn der och ganz vill, déi konnte regulariséiert ginn. Ech weess net, ob meng Zuele genau stëmmen, mä ech denken, dass do iwwer 1.000 Demandeurs d'asile waren, déi eng Regulariséierung ugefrot hunn, an e groussen Deel dovu se kritt huet.

Mä d'Problematik vun där Regulariséierung - an dorop wäert ech herno nach eng Kéier zréckkommen -, ass haaptsächlech déi vum Stéchdatum vum Juli 1998, déi awer e ganz groussen Deel, an dat si wahrscheinlech méi héich Zuelen, vun de jugoslawesche Flüchtlingen ausgegrenzt huet.

D'Madame Err hat virdru scho vun den Demandes d'asile geschwat. Déi Zuel ass effektiv an der Lescht eropgaangen. Wann ee se zwar an de Kontext setzt vun deene leschte Joren, da gesäit een, dass mer 1998 an 1999, wéi de Kosovo-Krich ganz konkret war, do wäit méi héich Zuelen hate vun Demandes d'asile, wéi dat elo de Fall ass. Dat just fir déi Zuelen, déi elo ëmmer erëm genannt ginn, och an de Kontext ze setzen. Mir haten zum Beispill 1998 1.700 Demandes d'asile an 1999 2.900.

Drëtte Punkt, Här President. Et gëtt keng Gesetzer, déi eis dozou zwéngen, déi Leit auszeweisen. Mir hu Spillraum an de bestoende Gesetzer. Engersäits am Asylgesetz an och am Gesetz iwwert d'Protection temporaire. Anerersäits, an dat ass vläicht méi wichteg an och nach méi effikass, am Auslännergesetz, wou relativ däitlech ass, dass een zwar ka Leit expulséieren, mä dass een dat net muss maachen.

An dofir sinn ech och net mat der Regierung a mam Justizminister averstanen, wann ëmmer erëm gesot gëtt, mir missten eis un d'Gesetzer halen. An ech denken, dass mer dee Spillraum hunn, wa mer d'Leit heihalen; da gi mer net géint d'Gesetzer.

Véierte Punkt. Dat Land an dat mer ausweisen, ass net prett, fir seng Leit opzehuelen. Vläicht hei e puer Wierder zur Lag an der Federatioun Jugoslawien, well dat bis elo och ganz wéineg thematiséiert ginn ass. Ech wéilt en Zitat aus dem Lëtzebuerger Wort vum 7. November bréngen, wou et drëms gaang ass, dass de Conseil de l'Europe refuséiert huet, d'Federatioun Jugoslawien opzehuelen. Ech zitéieren: „Das Land scheiterte formal daran, dass es den bereits für Juni angekündigten Verfassungsentwurf für den neuen Staatenbund Serbien und Montenegro noch nicht gibt, der auf Wunsch der Europäischen Union“ - an da muss ee ganz gutt oppassen - „den nur noch auf dem Papier existierenden Bundesstaat Jugoslawien ablösen soll“.

Dir Dammen an Dir Hären, do kann ee sech jo awer emol d'Fro stellen, mat wéi engem Stat Lëtzebuerg eigentlech déi Accords de réadmission ausgehandelt huet.

Ee weidere Problem, wat Ex-Jugoslawien betrëfft, ass och d'Coopératioun mam Tribunal vun Den Haag. D'Organisatioun Amnesty International huet och mam Hiweis op d'Mënscherechter Drock op de Conseil de l'Europe gemaach, fir d'Bundesrepublik Jugoslawien net an de Conseil de l'Europe opzehuelen. Mir ass an der Kommissioun vum Vertrieder vun der Regierung gesot ginn, déi Accords de réadmission, déi hätten näischt mat der Mënscherechtssituatioun an deene Länner ze dinn.

D'Fro däerf awer erlaabt sinn, ob ee Leit kann an e Land zréckschécken, dat gewësse Kritäre vun Demokratie a vu Mënscherechter net entsprécht. An ech wéilt hei och nach eng Kéier en Zitat bréngen, an zwar vun Amensty International vum 20. September vun dësem Joer, wou geschwat gëtt vu: „Continuous allegations of torture an ill-treatement by police throughout the country, and the apparent lack of the authorities to adequately address this issue. This failure to investigate and prosecute perpetuates a climate of impunity similar to that which exists in relation to war crimes and crimes against humanity“.

An da wéilt ech och nach, Dir Dammen an Dir Hären, en interne Rapport vum däitschen auswäertegen Amt zitéieren, dee Mëtt vum leschte Joer erauskomm ass. Do ass Rieds vu Mënscherechtsverletzungen a vun der wirtschaftlecher Lag. Ech zitéieren: „Das Land ist wirtschaftlich, sozial und finanziell ruiniert". 12% vun der Bevölkerung vun der Bundesrepublik Jugoslawien liewen ënnerhalb vun der Armuttsgrenz vun engem Dollar pro Dag. Eng onstabil politesch Lag duerch déi ongeklärte Situatioun tëscht Serbien a Montenegro. Da gëtt gesot: „Die Bundesregierung", also Jugoslawien, „wird von der montenegrinischen Regierung nicht anerkannt". Et geet Rieds vu Repressioun vu Minoritéiten.

An dann och een Aspekt, deen net onwichteg ass, de Gesondheetssytem an deem Land. Do gëtt gesot, dass bei chronesche Krankheeten ageschränkte Behandlungsméiglechkeete bestinn, dass et zum Beispill net evident ass, fir Dialysen ze maachen. Et gëtt gesot, dass wann et iwwert d'Grondversuergung erausgeet, d'Medikamenter immens deier sinn, an dass: „Die Versorgungslage in den letzten Monaten rapide verschlechtert" gi wär. „Sie besteht nur noch für den geringen wohlhabenden Teil der Bevölkerung".

An da kann een och nach dobäi soen, dass an deem Rapport steet, dass Schweden an och Éisträich hir Ofkommessen net a Kraaft triede gelooss hunn. Ech weess net, ob dat nach am Moment aktuell ass, mä op alle Fall hu si, wéinst der politescher Lag an der Bundesrepublik Jugoslawien, kee Bedarf méi gesinn, fir auszeweisen.

Een Argument, wat mer och wichteg erschéngt, dat ass d'Problematik vun de massiven Ofschiebunge an d'Pays d'origines. An dat gëllt ganz sécherlech och fir Montenegro a Serbien.

D'wirtschaftlech Situatioun gëtt nach méi schwéier, wa Leit en masse zréckgeschéckt ginn. Iwwregens, géif de Fait, dass wann een deene Leit, déi hei sinn, géif e Permis de séjour et de travail ginn, och zur wirtschaftlecher Entwécklung an deene Länner bäidroen, well et ass jo bekannt, dass Leit, déi hei schaffen, en Deel vun hire Salaire benotzen, fir hir Familljen dohannen ze ënnerstëtzen. Dat wär sécherlech och eng Method, wéi ee kéint deene Länner aus hirer desolater Situatioun eraushëllefen.

Da vläicht och nach e Wuert zu der internationaler Communautéit. ECHO, den EU-Büro fir humanitär Hëllef, ass amgaang sech aus Serbien zréckzezéien. Am Montenegro sinn d'UN an aner international Agencen amgaang hir Programmer ze reduzéieren oder ze stoppen. Beim UNHCR-Fonds gesäit et ongefeier ähnlech aus.

Déi Leit, déi awer um Terrain sinn, soen, dass dat absolut eng falsch Politik ass, dass et vill ze fréi ass, fir an déi Richtung ze goen, an dass d'Leit wierklech keng Moyenen hunn, fir aus eegener Kraaft do kënnen ze iwwerliewen.

Alles dat weist also, dass d'Problematik an deem Land wierklech eng ganz aner ass, wéi dat heiansdo esou gär duergestallt gëtt.

An dann och nach eng Klammer zu den Accords de coopération. Et ass esou, dass et aner Länner an Europa gëtt, déi hir Accords de réadmission och ëmmer un Accords de coopération koppelen. Ech hat déi Fro an der Justizkommissioun opgeworf a krut du vum Regierungsvertrieder gesot, dat géife si net maachen, dat géif ausgesi wéi Mënschenhandel.

Sécherlech ass et eng ganz Problematik, déi do derhannert stécht, ob ee ka wirtschaftlech Ënnerstëtzung un Réadmissiounsaccorde koppelen oder ëmgedréint. Et ass eng gefeierlech Saach. D'Gefor besteet och op EU-Niveau, dass do Drock mat der wirtschaftlecher Situatioun vun deene Länner gemaach gëtt.

Allerdéngs, och wann ee weess, dass et also net primordial ëm d'Verbesserung vun der demokratescher an der Mënscherechtssituatioun an deene Länner geet, muss een awer och feststellen, dass bei der Fro vun Ex-Jugoslawien villes schiefgelaf ass, an dass een eigentlech, als Europäesch Unioun, hätt missen, wann een dee Problem do hätt wëlle seriö ugoen, och iwwer eng Aart Marshall-Plang nodenken, sou wéi dee bei eis nom zweete Weltkrich ausgefouert ginn ass, fir d'Länner erëm wirtschaftlech opzebauen.

Well sécherlech huet et och ganz vill mat der desolater, wirtschaftlecher Situatioun ze dinn, dass déi Leit elo net méi wëllen zréckgoen, an et ass och kaum ze erwaarden, dass d'Leit an deene Länner bleiwen a versiche sech eng Existenz opzebauen, wann net duerch Wirtschaftshëllef nei a seriö Perspektive geschafe ginn.

Da vläicht nach ee Wuert zu der allgemenger Tendenz an Europa, déi ëmmer méi staark gëtt, fir Flüchtlingen net ze integréieren. Mir hunn zu Lëtzebuerg zënter enger Zäitchen e Statut temporaire. Et gëtt ëmmer méi an déi Richtung geschafft, fir de Leit just eng zäitweileg Méiglechkeet ze ginn an eise Länner ze bleiwen. En fait muss ee feststellen, dass dat eigentlech eng Aushielegung vum Flüchtlingsrecht ass, esou wéi et zënter dem Enn vum zweete Weltkrich besteet, wann d'Leit net méi op Grond vun där Verfolgung, där se eng Kéier ausgesat waren, d'Recht hunn, fir definitiv an eise Länner ze bleiwen. An och do gëtt et ONGen, déi sech dogéint wieren a soen, dass déi Leit, déi geflücht si viru Persécutioun, Tortur an onmënschlechen Traitementer, elo just nach en temporäre Statut kréien, deen ëmmer erëm kann a Fro gestallt ginn, esou dass se dann och, wann d'EU, oder Memberstate vun der EU et décidéieren, ëmmer nees kënnen zréckgeschéckt ginn.

Här President, zu den Accords de réadmission selwer just zwou kleng Bemierkungen, vläicht och méi technescher Natur. Dat eent betrëfft de Problem vun der Identitéit. De Statsrot hat sech relativ laang domat ausenaner gesat. Dat ass eng Problematik, op déi hei am Fong ganz wéineg agaange ginn ass, wéi dat dann ofleeft, fir ze klären, ob déi Leit tatsächlech déi Identitéit hunn, wou behaapt gëtt, a mat wéi enge Preuven, dass dat bewise gëtt. An ech war erstaunt ze héieren, dass et hei zum Beispill bei de Readmissiounen duergeet, dass e Führerschäin do ass, fir eng Identitéit ze beleeën. Well mir haten eng ganz grouss Diskussioun am Kader vun der Regulariséierung, wou laang a breet gestridde ginn ass, wat eng gülteg Preuve wär fir eng Identitéit, a wou gesot ginn ass, neen, mir mussen onbedéngt e Pass hunn. Et war ee méintelaange Sträit. Abbee, wann et ëmgedréint ass, wann et drëms geet, fir d'Leit zréckzeschécken, da schéngt déi Saach awer e bësse méi einfach ze sinn. An en zweete Punkt, ass deen, dass mer...

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Madame Wagener, juste pour préciser, wann d'Jugoslawen dat Dokument akzeptéieren, fir ze kucken, ob dat ee vun hire Bierger ass, dat huet jo näischt mat eis ze dinn. Also ass et eng ganz aner Prozedur. Si kucken op Grond vun Dokumenter, déi si etabléiert hunn, an hiren Dokumenter dann no, ob si nach aner Elementer doriwwer hunn. An de Führerschäin zum Beispill ass jo ee vun hiren.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech stellen trotzdeem fest, dass déi Länner dann e bëssen eng aner Approche hunn, wéi eis Regierung eng hat, wéi et drëms gaangen ass, fir déi Leit ze regulariséieren, wat awer e rise Problem war an der Regulariséierungsprozedur.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Ech sinn net an der jugoslawescher Regierung!

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Do wäert Der mer jo awer sécherlech Recht ginn, dass dee Problem vum Pass den Haaptproblem wor an där ganzer Affär vun der Regulariséierungsprozedur, an dass all d'ONGen am Fong verlaangt hu vun där Regierung hei, dass se géif vun där doter Positioun ofkommen.

Den zweete Punkt ass deen, dass dat hei net Accorde sinn tëschent Lëtzebuerg an deene Länner, mä tëschent dem Benelux an deene verschiddene Länner. An do stellt sech natierlech och a Matière vun Ofschiebungen eng ganz nei Thematik fir eis, well dat bedeit jo, an dat hu mer och an der Kommissioun diskutéiert, dass et absolut méiglech ass, dass an Zukunft gemeinsam kënnen Transporter organiséiert ginn, an eventuell och gemeinsam Abschiebezentren organiséiert oder géréiert ginn, esou dass mer och do an nei Dimensiounen erakommen, mat deene mer hei zu Lëtzebuerg vläicht bis elo nach net konfrontéiert woren, a wou ee sech eigentlech och méi Froe misst driwwer stellen, wéi dat an der Kommissioun an och haut de Moien hei op der Tribün geschitt ass.

Här President, ech hat virdru scho gesot, ech géif nach e Wuert zur Regulariséierung soen. Dës Accorde sinn eiser Meenung no d'Konsequenz vun enger vill zevill limitéierter Regulariséierung. An ech wéilt och hei nach en Zitat bréngen, an zwar vum Affekot Marc Elvinger, deen am August am Lëtzebuerger Land en Artikel stoen hat. Ech zitéieren: „Il n'existe pas de raisons de forcer au départ ceux qui sont arrivés au Luxembourg en provenance de Yougoslavie dans le cadre de la crise du Kosovo. La première erreur politique a consisté à arrêter les dates limite de la procédure de régularisation lancée en mars 2001 de manière à, délibérement, en exclure ce contingent de réfugiés. La deuxième erreur politique consisterait à persister dans la première":

Abbee, et schéngt genau dat ze sinn, wat am Moment amgaang ass ze geschéien, dass d'Regierung an hirem Feeler, dee se deemools gemaach huet, verbleift. Dee Kritär vun der Durée war och vill zevill restriktiv. D'Leit aus dem Kosovo-Krich woren net mat abegraff, a mir si weiderhin der Meenung, dass d'Kritären allgemeng vun där Regulariséierung hätte méi large misse sinn, och wat d'Aarbecht betrëfft, oder wat zum Beispill Kanner betrëfft an d'Scolariséierung vun de Kanner, well dat jo elo och e rise Problem duerstellt, dass Kanner, déi deelweis hir Schoul, oder ganz hir Schoul hei gemaach hunn, elo zréckginn an dann eigentlech kee richtegen Ofschloss hunn, wa se dohanne sinn. An ech wéilt och drop hiweisen, dass et eng europäesch Konventioun vun de Mënscherechter, eng Mënscherechtscharta an och eng Kannerrechtscharta gëtt, déi sech deem entgéint setzen. An och hei nach eng Kéier Zitater aus dem Livre vert vun der EU-Kommissioun.

- „Dans tous les actes relatifs aux enfants, l'intérêt supérieur de l'enfant doit être une considération primordiale".



- „Une protection spéciale peut aussi être envisagée en faveur des ressortissants de pays tiers, qui sont nés dans un Etat membre et n'ont jamais vécu dans le pays dont ils ont la nationalité".

Ech hoffen, Här President, dass dat zumindest de Memberen aus der CSV, mat hirem chrëschtleche Gewëssen, e bëssen ze denke gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach e lescht Zitat, an domat kéim ech och zu menge Konklusiounen, vum Livre vert: „Le retour forcé des personnes en séjour irrégulier peut représenter un signal fort, tant pour les immigrés clandestins qui séjournent déjà dans les Etats membres, que pour les immigrés clandestins potentiels qui sont encore en dehors de l'Union". An et kënnt een dobäi setzen: „Tant pour la population résidente", well et geet jo dorëm, den eegene Wielerinnen a Wieler ze weisen, dass een an der Asylpolitik aktiv ass. Et ass eiser Meenung no genau dat, wat d'Lëtzebuerger Regierung hei mécht mat hiren Accords de réadmission, well si sinn déi technesch Grondlag fir dee Signal fort vun de Refoulementer méiglech ze maachen, an awer och de Moyen, deem Signal an de Medien an an der Öffentlechkeet nach méi Resonanz ze ginn.

Mir stelle mat ganz vill Bedauere fest, dass vill Flüchtlingen d'Nerven net méi hunn, fir déi onerträglech Waarderei matzemaachen op deen Dag, wou d'Police da virun hirer Dier steet, fir se matzehuelen, an dass vill vun hinne sech elo awer mellen, fir „fräiwëlleg" ze goen.

D'Stëmmung zu Lëtzebuerg, Dir Dammen an Dir Hären, ass awer vläicht am Moment net grad esou, wéi d'Regierung sech dat erwaart hat. Mir konnte mat vill Freed feststellen, dass et vill Leit zu Lëtzebuerg gëtt, déi mam Prinzip vun de Refoulementer an och der Aart a Weis, wéi se duerchgefouert ginn, net averstane sinn. Mir haten en Avis vun der Mënscherechtskommissioun, mir hate Lieserbréiwer an Zeitunge vu Schoulklassen, vu Schoulmeeschteren, vu Paschtoueren, vu Patronen, vu Biergerinnen a Bierger, vun eelere Leit, déi de Krich matgemaach hunn, Petitioune vu Perséinlechkeeten, Appeller vu Gewerkschaften. Mir mengen, dass dat weist, dass d'Stëmmung zu Lëtzebuerg eng aner ass, zumindest bei engem groussen Deel vun der Bevölkerung, wéi d'Regierung an d'Majoritéitsparteien dat ëmmer erëm hei behaapten, a mir hoffen als Gréng ëmmer nach, dass déi Protester d'Regierung dozou brénge vun hirer sturer Haltung an der Asylpolitik ofzekommen, an deene Leit eng Chance ze ginn, déi oft zënter Jore versiche sech hei ze integréieren.

An dofir, Här President, wëllt ech och eng Motioun deponéieren, wou mer der Regierung an de Majoritéitsparteien d'Chance ginn, fir vun hirer Positioun erofzekommen, an och vun hirer Positioun a Saache Refoulementer, déi ze iwwerdenken a sech d'Fro ze stellen, ob et net awer Méiglechkeete gëtt, fir déi Leit, ëm déi et hei geet, zu Lëtzebuerg ze integréieren.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*- qu'un nombre important de personnes déboutées de la procédure d'asile ont été invitées à quitter le pays;*

*- que le nouvel accord de réadmission avec la Yougoslavie facilitera le déroulement technique des retours et aura pour conséquence que les refoulements pourront être exécutés encore plus aisément;*

*constatant cependant*

*- que de plus en plus de personnes élèvent leurs voix contre cette politique du Gouvernement;*

*- que la législation luxembourgeoise n'exclut pas de permettre aux personnes déboutées de la procédure d'asile de rester dans le pays;*

*- que bon nombre d'entre elles ont produit des promesses d'embauche;*

*- que les familles réfugiées sont nombreuses dont les enfants ont été scolarisés en tout ou en partie au Luxembourg;*

*invite le Gouvernement*

*- à revenir sur sa politique d'expulsion des personnes déboutées;*

*- à instaurer un médiateur/une médiatrice entre le Gouvernement et les organisations se préoccupant du sort des personnes réfugiées;*

*- en attendant la fin de la médiation, à suspendre les expulsions forcées des personnes déboutées de la procédure d'asile;*

*- d'ouvrir la voie pour une intégration aux personnes déboutées;*

*- de considérer les promesses d'embauche ainsi que la présence d'enfants en âge de scolarisation comme un critère d'intégration.*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Laurent Mosar.

***(Interruption)***

Ah, den Här Urbany mellt sech! Wann ech mech net ieren, waart Dir net agedroen, Dir kritt awer selbstverständlech d'Wuert. Fir d'éischt den Här Serge Urbany an dann den Här Mosar.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Här President, et ass mer virdrun opgefall, wéi de Rapporteur vun dësem Gesetz an esou kuerze Wierder, wéi mer et eigentlech guer net vun him gewinnt sinn, ewechgaangen ass iwwer eng Partie vun Texter, déi siwe Länner betreffen, déi dausende vu Schicksaler betreffen, déi domadder verbonne sinn. Mir si gewinnt, wann hie Gesetzer hei presentéiert vun der Finanzplaz, d'Organismes de placement collectif zum Beispill, dann huet hien eng wierklech Léift entwéckelt, fir iwwert den Detail ze schwätzen. Hei, wann et ëm konkret Mënscheschicksaler geet, dann op eemol geet hien awer ganz séier doriwwer ewech.

Ech sinn an där heiter Fro der Meenung - ech hunn dat schonn e puermol gesot -: Mënsche sinn net illegal. Wann de Grousspapp vum President vum US-Representantenhaus Denis Hastert - et ass scho gesot gi vun der Madame Err - op den Här Frieden getraff wier als Justizminister, da wier hie mat deem nächste Schëff op Antwerpen zréckkomm an duerno op Osborn. Dat wär da geschitt.

***(Brouhaha général)***

Osweiler, pardon! Ech entschëllege mech bei all deenen, déi an der Géigend wunnen.

***(Hilarité)***

Da wier hie wahrscheinlech, Här Henckes, wéinst Abus de procédure op dat nächste Schëff gesat ginn, deemools sinn et jo nach keng Fligere ginn.

Ech mengen, dass et glécklecherweis zu Lëtzebuerg - d'Madame Wagener huet et och nach eng Kéier gesot - vill Leit gëtt, déi et net akzeptéieren, dass bei där heiter Regierung géint all bon sens a géint all chrëschtlech Nächsteléift - dat ass och emol wichteg hei ze soen, well ech betruechten nach ëmmer déi chrëschtlech Nächsteléift als en Deel vum allgemengen Humanismus, deem ech unhänken - Leit aus der Mëtt vun hiren Noperen an hire Veräiner gerappt ginn, Kanner aus de Schoule gerappt ginn,

nëmme well eng restriktiv Gesetzgebung an e Minister, deen déi mat enger eiserner Hand wëllt duerchféieren, dat angeblech esou verlaangen.

Vertrieder vun deenen Organisatiounen, déi sech mat ganz vill Engagement fir d'Réfugiéen agesat hunn, grad esou wéi Juristen, déi an hirem depriméierenden alldeeglechen Asaz virum Verwaltungsgeriicht kämpfen an heiansdo e klengen Deelerfolleg hunn, deen awer fir déi Betraffe Gold wäert ass, hunn alleguerten am Detail nogewisen, ouni dass ech nach eng Kéier brauch dorobber anzegoen, dass et genuch gesetzlech Handhabe gëtt, fir eng Situatioun ze berengegen, déi ontragbar ginn ass. Déi Situatioun gëtt vun engem groussen Deel vun de Leit, oder op d'mannst vun engem Deel, deen ëmmer méi grouss gëtt, dobaussen als solch emfonnt.

D'Madame Wagener huet hei schonn de Marc Elvinger zitéiert. Ech wéilt en aneren Deel vu sengem Artikel zitéieren, deen, mengen ech, ganz kloer duerleet, wéi déi Situatioun ass, ëm déi mer hei sollen diskutéieren. Hie seet: „Un pays qui à juste titre s'évertue de consacrer plus de 0,8% de son revenu national brut à la coopération au développement, et qui a toujours contribué à faire l'Europe, devrait se faire un honneur de contribuer au développement économique du Sandjak montenégrien et serbe, en permettant à des personnes condamnées au chômage en cas de retour dans leur pays d'origine, de travailler chez nous pour pouvoir soutenir ceux qui sont restés au pays et, moyennant le pouvoir d'achat ainsi transféré, contribuer à revitaliser les économies locales que dix années d'incertitudes et de guerre ont mis à terre.

Lorsque ce n'est pas strictement nécessaire, le fait de renvoyer chez elles des familles, dont les enfants se sont intégrés au tissu social et éducatif luxembourgeois, et dont beaucoup n'auront pas même l'opportunité de poursuivre leurs études une fois rentrée chez eux, est humainement injustifiable. Quand simultanément" - ech hunn dat och schonn hei e puermol gesot, an dat schéngt mer ganz wichteg ze sinn - „on s'efforce de recruter de la main-d'oeuvre étrangère dans d'autres pays, la chose devient franchement honteuse".

Et sinn déi Leit, déi op déi Situation honteuse hiweisen, Här President, et sinn och grouss Deeler vun der Press, Gott sei Dank, déi do matmaachen, et sinn déi vill Leit, déi hir Solidaritéit am Alldeegleche beweisen an a ville Lieserbréiwer a Petitiounen hir Onzefriddenheet duerleeë mat där Politik, déi vun dëser Regierung an där doter Fro befollegt gëtt, et sinn déi Leit, Här President, déi d'Land duerstellen, net déi Leit hei bannen, déi Motioune votéieren, fir ze fuerderen, déi auslännesch Leit missten ausgewise ginn.

Et ass wichteg, hei mat Zifferen ze operéieren, sécher. Et ass och wichteg juristesch ze argumentéieren, an dat gëtt och gemaach. Mä, ech mengen, méi wichteg ass et nach, fir ze soen: Et muss eng grousszügeg Regulariséierungsprozedur kommen. Déi éischt Regulariséierungsprozedur huet jo bewisen, dass se noutwenneg war, soss wier se jo wahrscheinlech net duerchgefouert ginn. Et ass eng ontragbar Situatioun an deene sech vill Leit, déi sou genannt Sans-papiers, befannen, déi keng Krimineller sinn, mä einfach nëmme Leit, déi illegal sinn, wéi den Här Minister géif soen, oder déi Abus de procédure bedriwwen hätten, wéi den Här Henckes géif soen. Dat si Leit, deene muss gehollef ginn. Dat sinn och Leit, wou d'Verständnis dobaussen do ass, fir hinnen ze hëllefen. Dofir wëll ech mech deene Virriednerinnen uschléissen, déi gefrot hunn, dass eng zweet Regulariséierungsprozedur komme misst.

Wat déi puer Accords de réadmission ugeet, mengen ech, dass se op Drock komm si vun den EU-Länner. D'EU ass och amgaang sech als Festung auszebauen. Ech sinn net esou iwwerzeegt, dass d'EU an deenen dote Froe vill méi fortschrëttlech ass, wéi Lëtzebuerg a säi Justizminister. Leider geet d'Richtung tatsächlech dohinner - dat ass ganz kloer zu Sevilla nom Sommet gesot ginn -, dass op déi dote Länner Drock ausgeübt gëtt, fir esou Accords de réadmission ze signéieren. Dat ass ganz evident.

Dat hei ass een Accord, deen een, wann et einfach nëmmen en techneschen Accord wier, dee gewësse Situatioune regelt, am Prinzip kéint unhuelen, well hie jo op der Gläichstellung vun deene verschiddene Partner berout. Bei engem Lëtzebuerger, deen a Jugoslawien géif ausgewise ginn, misst Lëtzebuerg sech och verflichten, deen dann hei opzehuelen. Mä mir wësse jo alleguerten, dass dat eng reng formal juristesch Situatioun ass.

Den Hannergrond dovunner ass deen, deen elo beschriwwe ginn ass. Duerfir ass et inakzeptabel, fir esou en Accord ze stëmmen - aus menger Iwwerzeegung eraus -, well mer domat géifen zur Regierung soen: Et ass gutt. Maacht esou weider an där doter schlechter Politik.

M. le Président.- Als leschte Riedner kritt den Här Laurent Mosar d'Wuert.

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat eigentlech als Rapporteur gemengt, mir géifen eis haaptsächlech mat den Accords de réadmission beschäftegen. Ech hunn allerdéngs konstatéiert, datt eng Rei vu Kolleeginnen a Kolleege sech hei méi mat der Problematik vun der Réckféierung vu Flüchtlingen opgehalen huet. Dofir wëll ech am Numm vu menger Fraktioun och zu där Problematik Stellung huelen, och wa se eigentlech net direkt de Sujet vun den Debatte vun haut sollt sinn.

Ech wëll eng Rei vun Observatiounen an Iwwerleeungen ufeieren. Eng alleréischt, wou ech dem Kolleeg Urbany vläicht an Erënnerung ruffe wëll, datt et an deenen Accords de réadmission och drëm geet, Leit zum Beispill Identitéitspabeieren ze beschafen, déi wëlle fräiwëlleg zréckgoen. Et geet also hei net nëmmen ëm de Retour forcé vu Leit, mä et geet och dorëms, datt d'Leit iwwerhaapt kënnen heemgoen. Dofir hunn ech dann och Problemer domat, wann elo verschidde Riednerinnen a Riedner hei soen, si kéinten nëmme mat gréisste Reserven oder iwwerhaapt net deenen Accords de réadmission zoustëmmen.

Ech wëll och dem Här Urbany äntwerten, datt eng Rei vu Flüchtlingen aus Länner kommen, wou d'Autoritéite senger Fakultéit ganz no stinn, a wann do vläicht méi eng mënschlech Politik géif gemaach ginn, wéi den Här Urbany dat hei virdru gesot huet, da géifen zumindest aus deene Länner manner Flüchtlinge kommen.

***(Interruption)***

Ech wëll dann nach eng Kéier an Erënnerung ruffen - a verschidde Virriedner hunn et scho gemaach -, datt a sech d'Réckféierung vu Flüchtlinge sech op eng Motioun baséiert, eng Motioun, déi mat grousser Majoritéit deemools an dësem Haus ofgestëmmt ginn ass.

Ech hu mer d'Méi gemaach, wéi ech mech fir dës Debatt preparéiert hunn, och e bëssen emol nozeliesen, wat a sech vun deene verschiddene Kolleeginnen a Kolleegen deemools gesot ginn ass. Do si Remarken an Observatioune gemaach ginn iwwer Kritären, déi net géife wäit genuch goen. Et ass gefrot ginn, datt sollen zousätzlech Kritären ageféiert ginn, mä ech hunn eigentlech bei kengem vun deene Riedner oder Riednerinne kënnen noliesen, datt hien oder si fundamental Problemer hätt am Prinzip mat der Réckféierung vu Flüchtlingen. An dat ass deemools och ganz kloer festgehale ginn. U sech maachen d'Regierung an den zoustännege Justizminister weider näischt, wéi déi Motioun ze exekutéieren an déi Leit, déi um Enn vun hirer Prozedur sinn, entweder forcéieren oder wa méiglech fräiwëlleg erëm an hir Länner zréckféieren.

Dofir sinn ech dann och e bësse verwonnert, wann ech elo héieren - an net nëmmen an dësem Haus, mä och ausserhalb vun dësem Haus -, datt do elo grousst Erstaune wär, wa Leit zréckgeféiert ginn. Hei geet et drëm, datt de Wëlle vun der Chamber exekutéiert gëtt, an dofir mengen ech och, datt hei a sech de Justizminister déi richteg Politik mécht.

Eng zweet Observatioun, déi ech wollt maachen: Ëm wat geet et bei der Réckféierung vu Leit, déi sech illegal an eisem Land befannen? Do geet et emol fir d'alleréischt - an de Justizminister gëtt jo och net midd, fir dat ëmmer erëm ze ënnersträichen -, ëm de Respekt vun eise Gesetzer hei zu Lëtzebuerg an ëm ee ganz wichtegt Gesetz. Ech sinn ëmmer e bëssen erstaunt an och enttäuscht, datt a sech net méi doriwwer geschwat gëtt, nämlech ëm de Respekt vum Asyl, Asyl, deen an der Berner Konventioun vun 1951 festgeluegt ginn ass.

Ech wëll et och nach eng Kéier betounen, de politeschen Asyl ass eng politesch Notioun, an et ass keng wirtschaftlech Notioun. Dofir, mengen ech, muss een all Kéiers erëm hei widderhuelen - an do si mer jo méi oder wéineger op alle Bänken eens -, déi allermeeschte Leit, déi hei bei eis an d'Land kommen, kommen aus wirtschaftlechen Erwägungen. Et muss een allerdéngs wëssen, datt, wann ee säi Land aus wirtschaftlechen Erwägunge verléisst, well eben d'Situatioun prekär ass, da gëtt dat engem kee Recht politeschen Asyl unzefroen.

Wa mer dee Prinzip net méi hei respektéieren, géif dat jo bedeiten, datt et an Zukunft géif onméiglech ginn, déi richteg politesch Verfollegt nach hei opzehuelen, well einfach keng materiell Kapassitéite méi dofir bestinn. Dofir dierf a kann et och net sinn, datt de politeschen Asyl mëssbraucht gëtt, fir hei Leit eng nei Heemécht ze ginn, déi, wéi gesot, aus reng wirtschaftlechen Iwwerleeungen an eist Land kommen.

Eng drëtt Observatioun, déi ech wollt maachen, dat ass, datt a sech déi Regularisatiounsprozedur, wéi se deemools festgeluegt ginn ass, a wou se, wéi gesot, vun der Chamber e grousse Konsens kritt huet, a sech eng Diskussioun am Virfeld hat, wou notamment verschidde Riednerinnen a Riedner der Meenung waren, si géif net wäit genuch goen, et missten nach vill méi Leit regulariséiert ginn. Deemools - an ech ka mech ganz genau erënneren - huet den Aarbechtsminister, de François Biltgen, hei dervir gewarnt, fir nach méi wäit ze goen a méi Leit hei ze regulariséieren. Deemools huet e gesot, den Aarbechtsmaart géif och a senge Progressiounen, déi en deemools nach hat, net erlaben, nach vill méi Flüchtlingen hei ze integréieren.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi Recht hat deemools den Aarbechtsminister François Biltgen, wann een elo och à la lumière vun deenen neien Evénementer e bëssen d'Situatioun hei kuckt, wou mer all Dag, leider Gottes, mussen héieren, datt erëm Leit entlooss ginn, wou de Chômage all Dag an d'Luucht geet, och an de Grenzgebitter.

Et kann een nëmmen, Här Bausch, de Minister doranner bestätegen, datt deemools, wéi en déi Regularisatiounsprozedur do proposéiert huet,...

***(Interruption)***

M. le Président.- Den Här Bausch wëllt lech eng Fro stellen, Här Mosar?

***(Assentiment)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här Mosar, wann dat esou wär, wéi Dir dat géingt soen, da froen ech lech hannendrun: Hutt Dir schonn nei Kenntnisser, datt d'Regierung verzicht op d'Immigratiounswell, déi se jo geplangt huet, wou se a Pole wëllt Leit siche goe fir déi Secteuren zu Lëtzebuerg, wou et manifest ass, obschonn zu Lëtzebuerg den Emploi vläicht réckleefeg ass, mer am Ëmkreess vun 300 Kilometer keng Aarbechtskräfte méi fannen? Ee Secteur dovunner ass deen, wou mer muer jo de reglementaresche Kader wäerten änneren am Droit de travail.

Hutt Dir Kenntnis dovunner, datt d'Regierung net méi wëllt nei Immigratiounswellen op Lëtzebuerg unzéien? Wann dat stëmmt, wat sot Der do derzou?

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här Bausch, ech ka just soen, datt deemools den zoustännegen Aarbechtsminister mat Recht gesot huet, datt eisen Aarbechtsmaart all déi zousätzlech Leit net kéint verkraften.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Äntwert op meng Fro.

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Ech mengen, datt haut d'Situatioun sécherlech sech net an deem Sënn verännert hätt, datt eisen Aarbechtsmaart méi Leit kéint verdroen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Äntwert mer op meng Fro.

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Dir vermëscht Äppel mat Biren.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Neen, neen.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Dir wësst net, wéi den Aarbechtsmaart funktionéiert.

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Madame Wagener, ech weess dat mindestens esou gutt wéi Dir.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Liest d'Avise vu verschiddene Beruffskummeren, zum Beispill dem Horeca-Secteur, da kuckt Der emol, wat do gesot gëtt iwwert den Aarbechtsmaart.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Loosst den Här Mosar schwätzen. Jiddfereen huet d'Wuert ze froen.

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här President, ech wollt och dozou nach eng zweet Iwwerleeung abréngen. Ech mengen, et ass virdru schonn ugeklongen, an do ass all Riedner hei wahrscheinlech mat mer eens, wéi wichteg et ass, datt mer och hei zu enger europäescher Harmoniséierung vun den Asylprozedure kommen. Esou eng europäesch Harmoniséierung géif et sécherlech och vill méi einfach maachen, fir kënnen an Zukunft déi ganz Problemer, déi sech am Kontext vum Asyl stellen, ze léisen.

Et kann also dann och net sinn, wann een esou eng europäesch Harmoniséierung wëllt hunn an dofir plädéiert, datt een da selwer als Land en Alleingang mécht an do wesentlech méi oppe Kritären zréckbehält, wéi dat an eisen Nopeschlänner ass. Ech wëll do nach eng Kéier widderhuelen, datt, wa mir eis vergläichen, sou wéi hei d'Asylprozedur fonctionnéiert, wéi se hei gehandhaabt gëtt - all déi Méiglechkeete sinn, déi d'Leit hei zur Verfügung gestallt kréien -, mer do wierklech net méi schlecht do stinn, wéi eis Nopeschlänner a mer eis par rapport zu deenen och net brauchen ze schummen.

Eng drëtt Iwwerleeung, déi ech hei och nach eng Kéier wéilt ubréngen: Wann een déi lescht Zuelen examinéiert - an de Justizminister wäert sécherlech herno a senger Interventioun och nach dorobber zréckkommen - constatéiert een, datt ee besonnesch an deenen dräi leschte Méint e substanziellen Zouwuess vu Flüchtlingen erëm aus Jugoslawien hat. Ech mengen, och do wär et e falscht Signal, wann een elo géif dohinner goen, an iwwert déi éischt Regulariséierung nach eng zweet Regulariséierung géif drunhänken, wéi dat hei vu verschiddene Säite gefrot gëtt.

Eng lescht Iwwerleeung, déi ech och nach eng Kéier hei wollt ufëieren, ass déi vun der Dauer vum Séjour vun de Flüchtlingen. Ech mengen, dat ass och ee Punkt, wou a sech e grousse Konsens an dësem Haus besteet, fir ze soen, et ass einfach ongesond, wa Leit während dräi, véier a méi Joren hei zu Lëtzebuerg sinn, ier se Heem ginn. Mir haten och an der zoustänneger Kommissioun eng länger Diskussioun doriwwer, wou den zoustännege Minister eis gesot huet, datt jo do elo eng Rei Leit méi agestallt ginn, souwuel um Niveau vum Justizministère, wéi awer och bei de Juridiktiounen, sou datt ech iwwerzeegt sinn, datt, zumindest wat den administrativen Deel vun dëse Prozeduren ubetrëfft, et an Zukunft wesentlech méi schnell wäert goen a mer do keng Délaie méi kréie vun dräi oder véier Joer.

Ech wëll awer - a besonnesch fir do e bëssen op déi Aussoe vun der Madame Err anzegoen - einfach nach eng Kéier d'Fro opwerfen. Wa mer der Meenung sinn, déi Prozedure wären ze laang a mir missten iergendwéi dohinner kommen, datt déi Leit net méi dräi, véier Joer missten heibleiwen, ier se dann endgülteg géife wëssen, wat elo mat hinne geschitt, da muss ee sech natierlech d'Fro stellen, wou ee Plaze kënnt fannen oder wéi ee kënnt déi Délaien nach substanziell reduzéieren? An da muss een natierlech och d'Fro stellen: Musse mer net och nach eng Kéier d'Asylprozedur, à la lumière ebe vun deenen Délaien, frësch iwwerdenken?

Do huet d'Madame Err virdru geschwat vun enger Inaptitude, déi do géif bestoen. Ech géif d'Madame Err froen: Wou sinn dann déi Inaptituden, Madame Err? Sidd Dir zum Beispill der Meenung, datt den Double degré de juridiction net dat richtegt Instrument ass? Ech hu bis elo net kënnen novollzéien, wat Dir dann zum Beispill proposéiert, fir déi Délaie substanziell erofzesetzen. Ech mengen, et muss ee sech et ganz genau iwwerleeën, op wat fir ee Wee een do ka goen.

Ech wëll op zwou Propositiounen agoen, déi a sech net weider hei an dësem Haus diskutéiert gi sinn, mä déi een awer vill am Ëmfeld héiert, besonnesch vun enger Rei vun ONGen, déi ëmmer erëm mat dëse Fuerderunge kommen. Déi eng ass, fir ze soen, et soll een déi Leit, déi Kanner hunn, déi hei scolariséiert ginn, wéinstens d'Scolarisatioun vun hire Kanner fäerdeg maache loossen a se dann zréckschécken. Dat ass zum Beispill e Moyen, dee jo da forcément com-

portéiert, datt déi Leit nach méi laang hei sinn. A wa se dann herno vläicht siwen oder aacht Joer hei sinn, mengen ech, gëtt et nach wesentlech méi schwéier fir si, fir sech erëm herno an hiren Ursprongslänner ze integréieren. Dofir, géif ech soen, ass dat sécherlech keng gutt Propositiouun.

Datselwecht gëllt och fir déi Prozedur vun der Mediatioun, déi ëmmer erëm proposéiert gëtt vu verschiddene Kreesser. Wa mir hei wëllen eng Mediatioun maachen, comportéiert dat jo och, datt dat erëm eng Rei vu Méint dauert. Och do gëtt automatesch d'Durée vum Séjour dann nach wesentlech méi laang. Dofir, mengen ech, ass dat keng einfach Diskussioun, déi vun der Durée de séjour vun deene Leit, déi hei sinn. Et muss ee sech wierklech ganz genau iwwerleeën, wat ee mécht.

Perséinlech - an ech menge meng Fraktioun och – sinn ech der Meenung, datt um aktuellen Asylgesetz näischt ze änneren ass, datt dat Gesetz gutt an effikass ass.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech hei nach eng Kéier ganz kloer am Numm vun der CSV-Fraktioun dem Justizminister eis voll Ënnerstëtzung garantéieren. De Justizminister, op eng iwwerluechten awer och op eng déterminéiert Aart a Weis, féiert dat aus, wat vun der Chamber an der Motioun zréckbehale ginn ass. E mécht dat an engem äusserst sensibelen Domän.

Här Minister, mir hu vollt Vertrauen an Iech an an d'Regierung.

***(Interruption)***

M. le Président.- Jo, Här Urbany?

***(Interruption)***

Dir hutt jo scho geschwat.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech hunn nach zwou, dräi Minutten.

M. le Président.- Et ass an der Rei, Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech soen elo eppes, wat ech hei net wollt soen, well den eigentleche Problem jo deen ass vun de jugoslawesche Leit, déi hei bei eis wunnen an déi mer alleguerte kennen, a wou eng grouss Opreegung am Land ass. Mä mir maache jo och nach Accords de réadmission mat anere Länner. Mir maachen zum Beispill Accords de réadmission mat de baltesche Länner.

Et kéint ee sech froen, wat huet dat hei elo direkt mat der Situatioun zu Lëtzebuerg ze dinn. Zum Beispill, hunn ech gelies, dass iwwert d'baltesch Länner all déi Flüchtlingen aus Tschetschenien kommen. Dat heescht, wann en tschetschenesche Flüchtling, dee jo awer mat Sécherheet vu sech ka soen, hie géif ënnert d'Genfer Flüchtlingskonventioun falen, heihinner op Lëtzebuerg kënnt, da gëtt en direkt postwendend erëm zréckgeschéckt.

Une voix.- Dat ass dem Här Mosar egal.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo, dat ass dem Här Mosar egal.

***(Interruption)***

Och solle mer en Accord de réadmission mat Bulgarien hei stëmmen. Or, wie kënnt iwwert de bulgaresche Wee a Westeuropa eran? Dat sinn zum Beispill ganz vill Iraker. Dat sinn och ganz vill Kurden, déi ënnert dem Saddam Hussein verfollegt ginn, wou jo esouguer gesot gëtt, et misst, wéinst där onwürdeger Mënscherechtssituatioun am Irak, ee Krich gefouert ginn.

Or, wat maache mer hei? Déi Iraker, déi heihinner kommen, wéi zum Beispill Géigner vum Saddam Hussein, oder déi Kurden, déi verfollegt ginn, déi an hiren nationale Rechter ageschränkt sinn - iwwregens net nëmme vum Irak, mä och nach vun der Türkei, wat ë NATO-Member ass -, déi schécke mer dann och mat dësen Accords de réadmission zréck. Dat heescht ganz kloer, och charakteriséiert Fäll, déi ënnert d'Genfer Flüchtlingskonventioun falen, ginn iwwert deen heite Wee zréckgewisen.

A mir schéngt et, wéi wann iwwerhaapt déi ganz europäesch Readmissiounsprozedur géif drop erauslafen, fir virun allem deene Länner, mat deene gutt politesch zesummegeschafft gëtt, et méiglech ze maachen, hir Ressortissanten zréckzehuelen, ouni ze kucken, wéi déi tatsächlech Mënscherechtssituatioun an deene Länner ass.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här Urbany, et ass grondfalsch, wat Dir sot.

Fir Äert éischt Beispill ze huelen: Wann een duerch d'baltesch Staten erakomm ass, onofhängeg dovun, wou en hierkomm ass, dann ass et dat éischt Land, wat dann e séchert Land ass, an deem Beispill déi baltesch Staten, an da gëtt deen net an dat Land zréckgeschéckt, wat säi Pays d'origine ass a wou e vläicht enger Gefor ënnerworf ass, mä e gëtt an dat Land zréckgeschéckt, wat als dat éischt séchert Land hätt misse Prozedur maachen. Dat ass e wesentlechen Ënnerscheed mat deem, wat Dir elo grad hei versicht hutt der Chamber ze erklären.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Dat weess ech net,...

***(Interruptions)***

…ech sinn net Jurist am baltesche Recht, muss ech soen. An ech weess net, wat mat deene Leit geschitt.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- D'baltesch State gi Member vun der Europäescher Unioun. Et ass dat, wat d'Fro ass. Dat ass keng juristesch Fro, dat ass eng politesch Fro. Wann ee Member gëtt vun der Europäescher Unioun, dann erfëllt ee gewësse Critèren, a wann déi erfëllt sinn, da kann een awer sécher soen, datt een och ee kann an esou ee Land zréckschécken. Datt déi dann zoustänneg sinn, dat gëtt haut um Sommet zu Kopenhagen décidéiert.

Une voix.- Très bien.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo. Mä aus deenen Drëttlänner, wéi zum Beispill Tschetschenien oder Russland, kënnen da Leit zréckgewise ginn, wa se iwwert déi dote Länner transitéiert sinn. A wa se iwwert déi dote Länner transitéiert sinn, dann ass ëmmer a Fro gestallt, wou déi Länner se da weiderverfrachten.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Jo, den Här Urbany mécht elo Schluss.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- D'EU wëllt och en Accord de réadmission mat China maachen. Ass dann d'Mënscherechtssituatioun a China esou gutt? Ech wëll déi Fro hei emol opwerfen.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Dir Dammen, Dir Hären, d'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing gären déi Accords de réadmission iwwert déi et...

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Här President, déi Accords de réadmission iwwert déi et de Moien hei geet, déi muss ee selbstverständlech am Kontext vun enger globaler Politik gesinn, Politik, déi mam Asyl engersäits, an anersäits mat der Bekämpfung vun der illegaler Immigratioun ze doen huet. Dofir géing ech gären e puer Punkten zu deene Sujeten erläuteren.

D'Asylpolitik vun der Regierung ass eng, déi villsäiteg ass an déi ganz sécher net kann op deen Aspekt vun de gezwongene Retouren reduzéiert ginn. Dës Regierung an déi viregt Regierung hunn ëmmer gesot, datt se dem Konzept vum Asyl, also dem Schutz fir politesch Verfollegter, eng grouss Wichtegkeet géingen zoumoossen.

Déi Konventioun vu Genf, déi jo hei esou oft zitéiert gëtt, ass 1950 geschriwwe ginn a war ganz kloer geduecht, datt misst évitéiert ginn, datt Leit, wéi am zweete Weltkrich d'Judden, verfollegt ginn an herno kee Schutz hunn.

Dat bléift fir eis e wichtege Prinzip, datt wann ee wéinst senger Rass, senger Relioun, senger politescher Meenung verfollegt gëtt, ee kënnen an engem anere Land Schutz kréien.

Mä net jiddfereen ass e politesche Verfollegten, an dofir muss een och d'Konsequenzen dovunner kucken. Dorobber kommen ech herno zréck.

Eng zweet Observatioun, wëll ech an deem Kontext hei maachen, déi dobausse largement net bekannt ass, an dofir gëtt déi Fro och ëmmer erëm gestallt. D'Leit soen a schreiwen, mä wann Der déi Leit zréckschéckt, firwat huelt Der se dann iwwerhaapt op? Firwat loosst Der se iwwerhaapt kommen?

Et ass e Grondprinzip vun där Konventioun, datt jiddfereen, deen d'Wuert Asyl seet oder deen Asyl freet, muss am Land opgeholl ginn, muss an d'Prozedur eragelooss ginn. Dat gëllt och fir déi, déi elo nach kommen. Ech gesinn all Dag Leit, déi mer soen, ma da loosst déi dach net weider kommen. Mir hunn, a kee Land an Europa huet eng juristesch Handhab, fir den Asylbewerber, déi sech de Moien och erëm am Büro vum Justizministère mellen, ze soen, se dierften net kommen.

Drëtt Observatioun. Déi Froen hei, muss ee selbstverständlech an engem europäesche Kontext gesinn. Alles wat mir hei zu Lëtzebuerg maachen, do kucke mir selbstverständlech och, wéi déi Froen an Europa behandelt ginn. All Alleingang ass enger Politik schiedlech, déi versicht an dem Beräich vun der Immigratioun, am Beräich vum Asyl op eng iergendwéi kontrolléiert Aart a Weis, dat ze maachen. Dofir ass et richteg, datt een hei net Weeër geet, déi anerer och net ginn.

An ech wëll Iech soen, datt mer dat an der Europäescher Unioun kucken, an datt mer do - mat ville Schwieregkeeten - versiche virunzekommen. Déi Schwieregkeete si grouss, mä wat d'Accords de réadmission ubelaangt, si mer der Meenung, datt mat enger Rei vun deene Länner d'Europäesch Unioun misst Accords de réadmission maachen, well eben déi eenzel Memberstaten alleguerte vill Schwieregkeeten hunn, fir där Accords de réadmission ze kréien.

Den Här Urbany huet elo grad vu China geschwat. Et gëtt en europäeschen Accord de réadmission verhandelt mat China, an et muss een also och gesinn, dass do net iergendeen onméigleche lëtzebuergesche Justizminister ass, deen op eemol op déi Iddi komm wär, mä dat sinn unanime Beschléss vum Conseil vun de Justiz- an Innenministere vun der Europäescher Unioun.

Véiert Observatioun. Ech hu gesot, mir mengen, datt den Asyl e wichtegt Konzept ass, wat et gëllt héich ze halen. Grad esou menge mer, datt wa Leit an enger Krichssituatioun sinn, datt een dann eng moralesch Verflichtung huet, hinne während där Zäit, wou de Konflikt bei hinnen ass, ze hëllefen. Dat hunn déi successiv Lëtzebuerger Regierungen och ëmmer a Jugoslawien gemaach.

Et ass net fir näischt, datt 1999 esou vill Leit aus Jugoslawien heihinner komm sinn. Déi Leit hunn eis alleguerte gesot, datt wann dee Konflikt eriwwer wär, a wann de Milosevic net méi um Pouvoir wär, da géinge si heem goen. An dat war och ëmmer den Discours vun der Lëtzebuerger Regierung, och vun där viregter, datt an där Perspektiv deene Leit géing hei zu Lëtzebuerg, während der Krichssituatioun, gehollef ginn. Heibanne sëtzen der, déi an där viregter Regierung waren an an dëser och sinn, an déi dat hei net kënne kontestéieren.

Asylpolitik muss een och gesinn, net nëmmen ënnert dem eegene Bléckwénkel vun der Prozedur a vun dem Zréckféieren, mä och am Kontext vun der globaler Politik, vun der Hëllef vun deene Länner, deenen et manner gutt geet wéi eis. Dofir maache mer och eng Entwécklungspolitik. An déi eenzeg Äntwert op den ekonomesche Misär a ville Länner op der Welt kann net sinn, fir ze soen, dann dierfen déi Leit alleguerte bei eis kommen, si froen Asyl, versichen eng Schaff ze kréien an ze bleiwen.

Mir mussen och dat gesinn, wat mir an de Pays d'origines maachen, de Länner aus deenen d'Leit hierkommen, wéi Jugoslawien, wou mer bis elo schonn 11 Milliounen Euro engagéiert hunn. Déi Programmer ginn ënnert der Direktioun vum Kooperatiounsministère virun. Mä op där anerer Säit maache mir och Entwécklungshëllef - mir hu bei de Budgetsdebatten doriwwer geschwat -, déi sech wierklech weise léisst, déi ënnert dem Spëtzepeloton ass vun deenen, déi mat Generositéit deenen Äermsten op der Welt hëllefen.

A wann ech an dëser Debatt hei fäerdeg sinn, dann hunn ech niewendrun eng Réunioun mat der Ausseministerin vum Niger, wou mer grad och iwwert d'Kooperatioun schwätzen. Mir maache finanziell Engagementer, och an deene Länner, wou mer esou Froe vu Migratioun a Misär an der Welt wuel net kënne léisen, well dat brénge mer net fäerdeg, mä op d'mannst hëllefen déi Situatioun e bëssen ze verbesseren. Dorobber ass eis Politik ausgeriicht.

M. le Président.- Här Minister, d'Madame Wagener wëllt Iech eng Fro stellen.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Jo, pardon.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här Minister, ech hu jo virdrun erwähnt, datt Lëtzebuerg an den 80er Jore vietnamesesch Flüchtlingen opgeholl huet, an an den 90er Jore bosnesch an ex-jugoslawesch Flüchtlingen, a wollt dofir froen, ob Der der Meenung sidd, datt dat deemools och net hätt dierfe geschéien, respektiv, datt déi Leit hätte missen zréckgeschéckt ginn, nodeem déi Konflikter an deene Länner ofgeschloss waren?

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- All Dossier gëtt an enger Asylprozedur natierlech individuell gekuckt, an déi, déi de Statut vum Réfugié kritt hunn an där Zäit, déi ware ganz sécher an där Situatioun.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Ech mengen net, datt d'Bosnier de Statut vu Réfugié kritt hunn.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Dir hutt jo elo vum Vietnam geschwat. Ech soen awer, och vun deenen, déi duerno komm sinn. Wat sech virun där Zäit situéiert, wou ech net an der Regierung war, kennen ech net all d'Détailer. Dir sécher och net.

Et muss een awer och d'Zuel berücksichtege vun där mer hei schwätzen. De Fait, datt mer mat enger Situatioun konfrontéiert sinn, wou e puer dausend Leit aus Jugoslawien komm sinn - Dir hutt virdru selwer d'Chiffere vun 1998 an 1999 genannt -, an der all Mount nach weider kommen, stellt sech fir d'Lëtzebuerger Regierung eng ganz aner Situatioun.

Wa mir mat enger Situatioun ze dinn hätten, wou mer géinge vun 300 Leit schwätzen - ech soen einfach dee Chiffer -, da kéint een iwwer villes anescht diskutéieren, wéi wa mer mat enger Situatioun ze dinn hunn, wou mer vun e puer 1.000 Demandeurs d'asile schwätzen, a wou dauernd neier kommen.

Am Laf vun dësem Joer si bis elo 885 Leit komm, dovunner de Gros aus Jugoslawien. De leschte Mount waren et der 105, dovunner waren der eppes 70 aus Jugoslawien. Wa mer also net kloer Zeeche setzen, da verstinn déi Leit natierlech dorënner, datt et dee beschte Wee ass net beim Aarbechtsminister e Permis de travail unzefroen, mä op Lëtzebuerg ze goen an Asyl ze froen. Si kommen an eng Prozedur, versiche méiglechst laang dran ze bleiwen a herno ganz ze bleiwen. An dat ass d'Problematik, mat där d'Regierung konfrontéiert ass, an net einfach fir ze soen, mä eis mécht et Spaass déi Leit heem ze schécken. Et muss een also de globale Kontext gesinn, sécher net d'mënschlecht Schicksal vun deem engen net gesinn, mä eng Regierung muss niewent dem Mënscheschicksal vun deem Eenzelnen och d'Globalpolitik kucken, an dofir hunn ech och hei méi grouss ausgeholl, wéi just den Accord de réadmission ze gesinn als en Instrument, fir méiglechst schnell d'Leit kënnen heem ze schécken.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Kann ech just ganz kuerz dorop.agoen?

***(Interruptions diverses)***

Ech wollt dem Minister just soen, datt an där doter Logik vun der Regierung et awer onverständlech bleift, firwat fir déi Leit, déi 1998 an 1999 op Lëtzebuerg komm sinn, matten am Kosovo-Krich, déi Date limite esou gesat ginn ass, fir datt déi Leit net konnten ënnert d'Regulariséierung falen. Da wär Är Argumentatioun vläicht méi einfach nozevollzéien.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Deemools war eent vun den Haaptargumenter, och hei am Parlament, datt mer déi solle regulariséieren. Et ass ebe just guer net am Ufank vun den Demandeurs d'asile geschwat ginn, mä déi ganz Prozedur ass ugaangen, wéi gesot ginn ass, hei si Leit, déi wunnen zënter zéng Joer zu Lëtzebuerg an déi si Sanspapiers. Dat ware Leit, déi illegal zu Lëtzebuerg gewunnt hunn, schonn eng Zäit hei zu Lëtzebuerg geschafft hunn. Dunn ass gesot ginn, mir mussen eng Kéier dee Problem léisen, an wa Leit esouvill Joren hei waren, da ginn déi regulariséiert. Dat war den Ufank vun deene Petitiounen, déi zirkuléiert sinn, an dunn ass herno gesot ginn, bon, dann huele mer déi, déi grad esou an där Situatioun sinn, grad esou laang schonn hei sinn an Demandeurs d'asile si mat an déi Prozedur eran.

Mä dat ass netde Wee op deen dës Regierung op jidder Fall wëllt goen, fir elo ëmmer erëm ze soen, ma elo waarde mer erëm dräi Joer, an da regulariséiere mer erëm. Dat hunn déi zoustänneg Ministeren hei öfters gesot. Dat ass also d'Positioun vun der Regierung iwwert déi Prozedur, an dat bréngt mech zu deem Punkt op dëser Plaz, fir ee Wuert dozou ze soen.

Déi Prozedur ass sécher laang, mä dat ass awer och bei wäitem net nëmmen d'Schold vun der Regierung. Dat ass och zu engem ganz groussen Deel d'Schold, wann een do vu Schold ka schwätzen, vun deene Leit selwer, well niewent dem Fait, datt effektiv wéi déi Dossiere komm sinn, hate mer déi gréisste Schwieregkeeten, déi Dossieren an enger schneller Zäit ze beaarbechten, well déi gi jo seriö beaarbecht. Et ass jo net, datt mir einfach soen, all Dossier, dee vun engem Jugoslaw erakënnt, dee kucke mir guer net. Déi Leit hu Recht op eng Auditioun. Déi gi gehéiert. Den Dossier gëtt beschriwwen. Déi Beamte maachen eng schwiereg mä gutt Aarbecht, an déi mussen déi Dossieren also seriö kucken.

Mä duerno, a contrairement zu deem, wat de Gros vun deene Leit gesot huet, datt se souwisou géingen nom Kosovo-Konflikt heemgoen, hu se zu engem ganz groussen Deel déi Décisiounen, déi a mengem Numm geholl gi sinn an der Asylprozedur, virum Geriicht ugefecht. Si hunn also alles gemaach, wat och hiert legitimt Recht ass, well d'Gesetz gesäit eng Geriichtsprozedur vir, fir déi Prozedur an d'Längt ze zéien. Do kënnt also niewent der Auditioun an der Décisioun vum Ministère vun der Justiz, eng Geriichtsprozedur, wou ganz oft d'Affekoten dann och erëm Refixatioune froen. Et kënnt dertëschent nach zu engem Recours gracieux. Bal jidderee mécht e Recours gracieux géint seng Décisioun. Dat dauert dann och erëm eng dräi, véier Méint. Da kënnt et zum éischte Prozess. De Gros, 99%, vun deene Prozesser gi verluer. Se ginn oft confirméiert, mä d'Argument gëtt gebraucht, da kënne se nach esou vill méi laang bleiwen, well dee Recours ass suspensiv. Dat heescht, esoulaang de Recours um Lafen ass, kann ee keen heemschécken.

Wann een dat also alles weess, da kann een awer net herno soen, gesitt Der, elo huet déi Prozedur dräi Joer gedauert, elo kënnt Der awer kee méi heemschécken. Do hätt ech gären, datt d'Chamber géing soen, da schafe mer de Recours suspensif of, oder mir schafen en zweete Recours of. Ech hat iwwregens am Numm vun där viregter Regierung eng Kéier esou ee Projet de loi gemaach. Wann ech mech gutt kann erënneren, war dee beim Statsrot no enger Opposition formelle hänke bliwwen.

Ech plädéieren haut net onbedéngt dofir, fir déi Prozedur op deem dote Punkt ze änneren, mä et muss ee just wëssen, datt wann een zwou Geriichtsprozeduren huet, wann een e Recours gracieux huet, dann dauert et laang.

Um Niveau vum Ministère de la Justice hu mer versicht déi Prozeduren ze verkierzen. An ech kann lech zum Beispill soen, vun deenen 800 Dossieren, déi dëst Joer nei erakomm sinn, sinn der bei eis schonn eng 350 fäerdeg, definitiv bei eis um Niveau vum Ministère de la Justice ofgeschloss. Et muss een natierlech och wëssen, an dat kënnt zréck op dat, wat ech der Madame Err virdru geäntwert hunn a menger kuerzer Zwëscheninterventioun, de Gros vun deenen Dossieren, déi elo erakommen, ass relativ liicht ze traitéieren, well mir fannen an deenen Dossieren, op d'mannst ass et dat, wat d'Beamte mir rapportéieren, absolut keen Element méi vu politescher Verfolgung. Well wann een haut aus Jugoslawien kënnt, dann ass dat awer e Land, wat amgaang ass zu enger Demokratie ze ginn. Do ware Wahlen, do waren iwwregens Lëtzebuerger Wahlobservateuren dobäi. Diskussioune lafen, fir et an de Conseil de l'Europe eran ze huelen. Dofir muss een awer och gesinn, datt dat net e Land ass, wou ee kann deeselwechte Moment soen, wou mer diskutéieren, ob se an de Conseil de l'Europe kommen, datt dat e Land wär, wou d'Leit géinge politesch verfollegt ginn. E bësse Kohärenz am politeschen Discours muss een och hunn.

An ech kommen dann zu de Retouren. Do géing ech gären zwou Saache soen: En Element iwwert d'Noutwendegkeet vun de Retouren an en Element iwwert d'Manéier vun de Retouren. Ech si frou, datt eng Rei vun den Intervenanten de Moien d'gréngt Buch vun der Europäescher Kommissioun iwwert d'Retouren zitéiert hunn. Dat ass positiv, well dat beweist, datt se och gesinn hunn, dat d'Europäesch Kommissioun, de Kommissär Vitorino, iwwregens e sozialistesche Politiker, grad esou wéi eestëmmeg déi 15 Justiz- an Innenministeren an Europa der Meenung sinn, datt de Retour en indispensabelt Instrument ass, wann ee wëllt d'Asylprozedur respektéieren, wann ee wëllt, datt d'Immigratioun a kontrolléierte Bunne leeft. Dir hutt zitéiert aus dem Livre vert, ech zitéieren lech och aus dem Livre vert, well deen hunn ech net geschriwwen:

„Une politique efficace pour le retour des personnes qui ont été déboutées de leur demande de protection internationale est indispensable", ech ënnersträichen indispensable, „pour sauvegarder l'intégrité d'un régime d'asile commun et de la procédure d'asile commune. Lorsqu'une personne, qui sollicite une protection, a bénéficié d'une procédure équitable et de qualité, cette personne doit quitter le territoire et regagner son pays d'origine." Dat gëllt fir den Asyl, an dat gëllt och fir déi, déi illegal an d'Land kommen, ouni datt se Asyl gefrot hunn.

Och do ass et fir d'Lëtzebuerger Regierung kloer, datt déi Leit net dierfen zu Lëtzebuerg bleiwen. Mënschlech sinn, chrëschtlech sinn, solidaresch sinn - an dat soen ech all deenen heibannen, déi wëlle Lektiounen iwwert dat Kapitel ginn, an et muss een net mat mir d'accord sinn - dat heescht net automatesch, datt jiddfereen, deen heihinner kënnt ënner iergendwelchem Pretext kann hei bleiwen. Dat alles an een Dëppe geheien ass net richteg.

***(Interruptions diverses)***

Et muss ee solidaresch si mat deene Leit, mä déi Solidaritéit ka sech a verschiddene Formen ausdrécken. Entwécklungshëllef, Accords de coopération, sinn zum Beispill ee Wee, fir dat ze maachen.

D'Aarbecht, den Accès zum Marché du travail, kann net d'Argument sinn, fir d'Prozedur vun de Permis de travail ze contournéieren. Et ass zwar net mäin Domän, mä ech schwätze jo hei am Numm vun der ganzer Regierung, an dofir och vum Kolleeg François Biltgen, deen ëmmer erëm villen aarme Leit op der Welt, déi gären e Permis de travail zu Lëtzebuerg hätten, an déi aus engem Drëttstat kommen, also engem net EU-Stat kommen, dee refuséiert. Wa sech iwwerall erëmschwätzt, datt et en einfache Wee ass, net beim Aarbechtsminister e Permis de travail unzefroen, mä einfach heihinner ze kommen, Asyl ze froen, da schaffen ze goen an ze soen: „Elo kënne mer awer bleiwen", da kënne mer d'Prozedur vum Permis de travail an d'Prioritéit fir d'Ressortissantë vun der Europäescher Unioun ofschafen. Dat ass dee Wee op dee kee Land an Europa geet, an och net dee Wee op deen d'Lëtzebuerger Regierung wäert goen.

***(Interruptions diverses)***

D'Retoure ginn och vun deenen anere Länner aus. Och Länner, an deenen aner Parteien an der Regierung sinn a wou ech net als Justizminister täteg sinn, schécke Leit zréck. Ech komme mir jo heiansdo vir, wann ech dat liesen, wéi wann d'Lëtzebuerger Regierung géing eng Politik maachen, déi néirens soss géing gemaach ginn. Ech mengen net, datt Chrëschtdemokraten an der belscher Regierung sinn. Ech mengen net, datt Chrëschtdemokraten an der däitscher Regierung sinn.

***(Interruption)***

Ech mengen, do wären notamment zum Beispill Grénger dran, wéi Dir et mir hei richteg rappeléiert.

***(Interruption)***

Ech soen dat jo net als e Reproche. Ech soe just, datt déi Länner, déi Parteien, well se an der Verantwortung sinn, och d'Leit zréckschécken.

Dir hutt vläicht gelies, datt an dem Afghanistan elo Militärfligeren aus den Nopeschlänner zréck geflu sinn an dat eng vun den Décisioune vum leschte Conseil vun de Justiz- an Innenministere war, fir Retours groupés ze maache vun ofgewisenen Asylbewerber an den Afghanistan. Lëtzebuerg war do net implizéiert, well mer aus där Regioun wéineg Demandeurs d'asile hunn. Mä, elo schonn zu dësem Moment sinn der zréckgeschéckt ginn. Déi aner Länner hunn an de Kosovo Leit zréckgeschéckt zu engem Moment, wou d'Lëtzebuerger Regierung nach keng zréckgeschéckt hat.

Ech soen dat just, well ech gäre jiddfereen dozou invitéieren, deen e kritesche Bléck op eis Politik werft, wann ech glift och Zeitunge vun den Nopeschlänner ze liesen an dann eis Politik par rapport zu deene Politiken ze jugéieren. Da muss een nach net mat eis d'accord sinn, well an der Demokratie kann nun emol jiddfereen, Gott sei Dank, seng fräi Meenung hunn. Ech hätt just gären, dass ee seng Jugementer géing à la lumière vun deem kucken, wat déi europäesch Politik ass, wat eng Politik ass, déi verantwortungsvoll an deem dote Kontext soll sinn.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här Minister, ech ginn lech Recht. Par rapport zu deem, wat den Oppositiounspolitiker vun der CDU, de Roland Koch, an Däitschland zum Beschte gëtt betreffend d'Asylpolitik, ass effektiv d'Lëtzebuerger Regierung méi wéi human. Dat ass richteg.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Och den Här Koch ass net an der Regierung zu Berlin, an ech jugéieren...

***(Interruptions)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Dir zitéiert eis jo hei déi auslännesch Politiken.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Neen, ech kucken, wat auslännesch Regierunge maachen. Dat ass dat, wat fir mech ausschlaggebend ass.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Den Här Koch ass an der Regierung. Hie sëtzt an Hessen an der Regierung.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Loosst de Minister schwätzen. Mir hunn hei mat der Lëtzebuerger Regierung ze dinn an net mat der däitscher.

Une voix.- Dat ass richteg.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Domat hu mer genuch ze dinn.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Dat ass och Är Aufgab, Här Fayot.

***(Interruption et hilarité)***

Ech kommen dann zu der Manéier vun de Retouren, déi jo och hei zu enger Diskussioun gefouert huet. Ech wëll hei nach eng Kéier soen, datt mir alles gemaach hunn an deene vergaangene Joren, fir datt Retours forcés kënnen évitéiert ginn. Et ass net esou, wéi wann déi Leit géingen op eemol enges Dags entdecken, datt se missten heemgoen.

Éischtens hu se ëmmer gesot - an der Zwëschenzäit soen se dat zwar net méi -, datt se nom Krich géingen heemgoen. Zweetens gi se um Enn vun der Prozedur vun de Beamten aus dem Justizministère geruff a kréien erkläert, datt se hire Prozess verluer hunn - hiren Affekot huet hinnen dat héchstwahrscheinlech och gesot, hien hätt dat hinnen op d'mannst misste soen -, an datt se sech opgrond dovunner elo an enger irregulärer, illegaler Situatioun zu Lëtzebuerg befannen. Si ginn dann invitéiert, fräiwëlleg d'Land ze verloossen.

Mir hunn am Summer och nach eng Kéier, well ëmmer erëm gesot ginn ass déi Leit géingen awer wierklech guer net wëssen, datt se missten heemgoen, en Informatiounsbréif geschriwwen, wou mer hinnen dat matgedeelt hunn, e Bréif, dee jo an der Öffentlechkeet vill kritiséiert a kommentéiert ginn ass. Ech mengen nach ëmmer, datt dee Bréif en Element war, fir datt herno wierklech kee kéint soen, hie géing dat net wëssen. Dee Bréif hat keen anert Objectif, an dee Bréif war och parfaitement an der Rei. Wann déi Leit awer soen, duerch hir Aussoen an duerch hir Handlungen, datt si net wéilte goen, an datt si net géinge goe bis d'Police se géing siche kommen, jo, Dir Dammen an Dir Hären, da froen ech lech awer, wat een dann als Regierung kann aneschters maachen. Wann een net wëllt op de Wee goen, wéi hei notamment déi gréng Fraktioun proposéiert huet, an net wëllt aus deene Grënn, déi ech virdrun erkläert hunn, déi Leit hei halen, dann huet eng Regierung keen anere Choix méi, da muss se esou virgoen.

Et ginn och Leit fräiwëlleg heem, just do steet net ëmmer d'Televisiounskamera derniewent, mä de Gros vun deene Leit huet gesot, si wéilten net fräiwëlleg goen. An aus deene Grënn, déi ech lech virdrun erkläert hunn an aus Fairness vis-à-vis vun all deenen aneren, deenen et op der Welt schlecht geet, an aus Fairness vis-à-vis vun all deenen, déi vläicht politeschen Asyl wierklech brauchen, muss d'Regierung virufueren, an déi Leit froen heemzegoen. Gi se net fräiwëlleg, da gi se gezwongen.

Ech akzeptéieren net, datt da Vergläicher gemaach ginn, wann déi Retours forcés iwwert d'Bühn bruecht ginn, wéi wann dat ähnlech wär, wéi dat, wat am zweete Weltkrich geschitt ass. Ech hunn nach de leschte Freideg an engem Tageblatt-Leitartikel eng Geschicht gelies, déi an enger Form geschriwwen ass, déi fir eis absolut inakzeptabel ass. Do gëtt geschriwwen: „Il est cinq heures du matin. La police débarque, va frapper à des portes. Il fait encore nuit et c'est l'inconnu. Chez les nazis on qualifiait ceci de rafler. L'humanité n'a guère progressé semble-t-il." Mais c'est faux! Et ass e groussen Ënnerscheed, ob am zweete Weltkrich d'Nazie komm sinn a Leit matgeholl hunn, ouni datt si et virdru woussten, an a Konzentratiounslager gefeiert hunn, oder ob een zu Leit seet, déi um Enn vun enger Prozedur sinn, déi équitabel ass, Leit, déi Affekoten hunn, déi dräimol geruff an dozou invitéiert goufen, fräiwëlleg heemzegoen. An da soen déi: Neen, mir ginn net bis d'Police kënnt. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, dat ass awer wierklech eppes anescht.

Ech akzeptéiere wierklech net, datt eis Polizisten, an datt déi, déi hinnen den Uerder ginn hunn, also d'Membere vun der Regierung an ech selwer, mat Situatioune verglach ginn, déi zu deene schlëmmste Kapitele vun der europäescher Geschicht vum leschte Jorhonnert gehéiert hunn. Dat ass inakzeptabel an dat loossen ech net esou stoen. Ech wäert dat ëmmer erëm soen.

Afin d'améliorer l'efficacité du contrôle de l'application du droit du travail, le projet de loi prévoit en outre que toutes les entreprises, y compris celles dont le siège se situe à l'étranger, sont obligées de tenir un certain nombre de documents ou d'indications à la disposition de l'Inspection du Travail et des Mines.

En améliorant l'efficacité du contrôle de la mise en œuvre du droit du travail, le présent projet assure, ensemble avec la future réforme de l'Inspection du Travail et des Mines, une meilleure protection des travailleurs exerçant leur activité sur le territoire luxembourgeois et des entreprises opérant au Luxembourg.

Dépôt par M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, le 14.08.2000

Rapporteur: M. Marcel Glesener

Travaux de la Commission du Travail et de l'Emploi (Président: M. Marcel Glesener):

| | |
|---|---|
| 15.09.2000 | Désignation du rapporteur |
| 07.02.2002 | Examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| 18.04.2002 | Examen du projet de loi |
| 29.04.2002 | Examen et adoption de propositions d'amendements |
| 05.11.2002 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'Etat |
| 21.11.2002 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 18.12.2002

## 4825A - Projet de loi

**portant approbation de la Convention internationale du Travail N° 172 concernant les conditions de travail dans les hôtels, restaurants et établissements similaires, adoptée par la Conférence internationale du travail à Genève, le 25 juin 1991**

## 4825B - Projet de loi portant

**1. réglementation de la durée de travail des ouvriers, apprentis et stagiaires occupés dans l'hôtellerie et la restauration;**

**2. modification**

**a) de l'article 6 de la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant réglementation du louage de service des employés privés,**

**b) de l'article 5bis de la loi modifiée du 9 décembre 1970 portant réduction et réglementation de la durée de travail des ouvriers occupés dans les secteurs public et privé de l'économie et**

**c) de l'article 1er de la loi modifiée du 26 février 1993 concernant le travail volontaire à temps partiel**

Le projet de loi 4825A a pour objet d'approuver en droit luxembourgeois la Convention internationale du travail n° 172 sur les conditions de travail dans les hôtels, restaurants et établissements similaires, adoptée par la Conférence internationale du travail à Genève, le 25 juin 1991. Cette convention entend améliorer les conditions de travail des travailleurs occupés en prévoyant notamment des plafonds de la durée de travail et des périodes minimales de repos.

Le projet de loi 4825 B a pour objet de réglementer la durée de travail des ouvriers, apprentis et stagiaires occupés dans le secteur de l'hôtellerie et de la restauration qui jusqu'à présent étaient exclus du champ d'application de la loi modifiée du 9 décembre 1970 portant réduction et réglementation de la durée de travail des ouvriers.

Le champ d'application du projet se limite aux ouvriers, stagiaires et apprentis occupés dans les entreprises hôtelières, les entreprises de restauration, les débits de boissons et les établissements similaires. On entend par établissements similaires les établissements qui offrent ou fournissent contre paiement un hébergement ou des repas ou des boissons, notamment les pensions, les auberges, les motels, les locations privées de chambres si des salariés y sont occupés, les entreprises de traiteurs pour autant qu'elles exploitent un restaurant et seulement pour le personnel y employé, les entreprises de restauration rapide ainsi que les cantines.

A noter que les employés privés, qui sont presqu'exclusivement occupés à des tâches administratives, restent soumis au droit commun, à savoir la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant règlement légal du louage de services des employés privés. Il en va de même des apprentis et stagiaires effectuant des tâches relevant du statut d'employé.

Le projet se propose de concilier la protection des travailleurs et le besoin de flexibilité des conditions de travail inhérent au secteur de l'hôtellerie et de la restauration.

Ainsi le projet rapproche la réglementation de la durée du travail des ouvriers du secteur de l'hôtellerie et de la restauration du droit commun en tenant compte des particularités et des contraintes spécifiques du secteur considéré. Dorénavant les règles de base seront donc les mêmes que celles applicables en droit commun, à savoir une durée de travail de huit heures par jour et de quarante heures par semaine, avec la possibilité d'aménager cette durée de travail au moyen de périodes de référence variables en fonction de la taille respectivement de la nature de l'entreprise.

Cette démarche a le mérite de prendre en considération la diversité sectorielle qui s'oppose à un traitement uniforme des entités économiques concernées. Les entreprises peuvent par ailleurs occuper leur personnel ouvrier au-delà de dix heures par jour, respectivement de quarante-huit heures par semaine pendant des périodes définies de l'année (été, Noël, Pâques), ces périodes variant de nouveau suivant la taille et/ou la nature de l'entreprise concernée.

A noter que les entreprises qui occupent régulièrement au moins cinquante travailleurs ne pourront bénéficier des dérogations spécifiques sectorielles. Elles relèveront désormais du droit commun.

Le projet prévoit encore que l'horaire de travail journalier ne peut être entrecoupé que d'une seule période de repos non-rémunérée. La durée de cette période ne peut excéder trois heures.

Par ailleurs, est considéré comme travail de nuit dans le secteur HORECA, tout travail presté entre 23.00 heures et 06.00 heures. La rémunération due pour chaque heure de travail de nuit prestée entre 01.00 heures et 06.00 heures est majorée de 25%, soit en temps libre, soit en numéraire.

Dépôt par M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, le 23.07.2001

Rapporteur: M. Nico Loes

Travaux de la

- Commission du Travail et de l'Emploi (Président: M. Marcel Glesener):

| | |
|---|---|
| 07.02.2002 | Examen du projet de loi |
| 07.06.2002 | Désignation du rapporteur<br>Examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| 17.06.2002 | Continuation de l'examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 20.06.2002 | Continuation de l'examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 15.07.2002 | Examen et adoption du texte coordonné et amendé |

- Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement:

| | |
|---|---|
| 17.10.2002 | Examen des parties du projet de loi et des amendements parlementaires qui concernent la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement |

- Commission du Travail et de l'Emploi

| | |
|---|---|
| 04.12.2002 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'Etat (4825B)<br>Examen du 2e avis complémentaire du Conseil d'Etat |
| 12.12.2002 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 18.12.2002

## 4917 - Projet de loi

**autorisant la participation de l'Etat à la construction par la Commune de Mamer d'un centre intégré pour personnes âgées à Mamer**

Le projet de loi sous examen a pour objet d'autoriser l'Etat à participer aux frais de construction d'un centre intégré pour personnes âgées avec foyer de jour et groupe sociothérapeutique à réaliser à Mamer sur le site dit du "Brill".

Les dépenses engagées ne peuvent pas dépasser le montant de 20.541.449.- euros. Ce montant correspond à la valeur 563,36 de l'indice semestriel des prix de la construction au 1er avril 2002.

Ce projet, qui a été initié par la Commune de Mamer en accord avec le Ministère de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse, rentre dans le cadre du programme national pour personnes âgées qui prévoit le développement intensif tant des mesures destinées à garantir aux personnes âgées le maintien à domicile aussi longtemps que possible ou que désiré par les personnes concernées que celles favorisant la rénovation et la modernisation des diverses structures d'accueil des personnes âgées.

Dépôt par Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse, le 22.02.2002

Rapporteur: M. Jean-Marie Halsdorf

Travaux de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse (Président: M. Jean-Marie Halsdorf):

| | |
|---|---|
| 17.9.2002 | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi<br>Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 12.12.2002 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'Etat<br>Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 18.12.2002

## 4923 - Projet de loi

**autorisant la participation de l'Etat à la transformation, la modernisation et l'extension de l'Institut St Joseph à Betzdorf**

Le projet de loi sous examen a pour objet d'autoriser l'Etat à participer, selon les modalités fixées par une convention signée le 11 avril 2000 entre l'Etat et le maître de l'ouvrage, la Congrégation des Sœurs de Ste-Elisabeth, au financement des travaux de transformation, de modernisation et d'extension de l'Institut St-Joseph à Betzdorf en un centre d'accueil pour personnes handicapées sévèrement atteintes.

Les dépenses engagées ne peuvent pas dépasser le montant le montant de 39.656.401.- euros. Ce montant correspond à la valeur 563,36 de l'indice semestriel des prix de la construction au 1er avril 2002.

Le centre d'accueil pour personnes handicapées est destinée à héberger d'un côté 70 pensionnaires et, à offrir de l'autre côté des activités de jour (travail, occupation) à 173 handicapés, internes et externes. Les pensionnaires dont l'état de santé se dégrade au point de nécessiter une prise en charge et des soins lourds pourront continuer à être soignés et assistés à l'Institut, à moins qu'un transfert dans une structure spécialisée ne s'impose pour des raisons médicales.

La réalisation du projet sous examen rentre dans le cadre du programme national pour personnes handicapées et permettra de répondre au manque constaté au niveau des structures d'accueil pour personnes handicapées et que l'activité des organismes non étatiques n'a pu pallier.

Dépôt par Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse, le 14.03.2002

Rapportrice: Mme Marie-Josée Meyers-Frank

Travaux de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse (Président: M. Jean-Marie Halsdorf)

| | |
|---|---|
| 17.09.2002 | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi |

| | |
|---|---|
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 12.12.2002 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'Etat |
| | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 18.12.2002

## 4926 - Projet de loi

**autorisant la participation de l'Etat à la modernisation et à l'extension de la maison de soins Ancien Hôpital Sacré-Coeur à Diekirch**

Le projet de loi sous examen a pour but d'autoriser l'Etat à participer au financement de la modernisation et de l'extension de la maison de soins Ancien Hôpital Sacré-Cœur à Diekirch, destinée à accueillir 97 personnes âgées invalides.

Le montant de la participation financière de l'Etat est fixé à 16.276.265 euros, correspondant à 80% du coût des travaux. Les modalités de la participation de l'Etat sont détaillées dans une convention entre l'Etat et le maître de l'ouvrage, la Congrégation des Sœurs de Ste Elisabeth.

Dépôt par Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse, le 14.03.2002

Rapporteur: M. Paul-Henri Meyers

Travaux de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse (Président: M. Jean-Marie Halsdorf):

| | |
|---|---|
| 17.09.2002 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation du projet de loi |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 12.12.2002 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'Etat |
| | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 18.12.2002

## 4927 - Projet de loi

**concernant l'assistance mutuelle en matière de recouvrement dans la Communauté européenne des créances relatives à certains impôts, cotisations, droits, taxes et autres mesures**

En raison du principe de la territorialité des lois fiscales, un Etat ne saurait procéder par lui-même au recouvrement à l'étranger de créances fiscales. Il en résulte la nécessité d'une assistance internationale au niveau administratif en matière de recouvrement, basée sur le principe de la réciprocité et de la confiance mutuelle entre autorités, et ceci endéans des règles de procédure clairement établies par le législateur.

Au niveau communautaire, l'assistance au recouvrement a été rendue obligatoire à partir de l'année 1978 dans le domaine des politiques agricoles et douanières communes (directive 76/308/CEE du 15 mars 1976). Dans tous les cas, le recouvrement des créances se fait d'après la législation et la réglementation de l'Etat où l'autorité requise a son siège, et les créances ne peuvent jouir, en ce qui concerne les demandes de recouvrement adressées à l'autorité requise luxembourgeoise, des droits du Trésor qui s'appliquent à l'égard des créances de droit interne.

Limitée au départ aux ressources propres traditionnelles de la Communauté (prélèvements agricoles et droits de douane), le champ d'application de l'assistance communautaire au recouvrement fut, dans le cadre de l'achèvement du Marché Intérieur, progressivement élargi à la TVA et aux droits d'accise.

Par sa directive 2001/44/CE du 15 juin 2001, le Conseil ECOFIN a amendé la directive modifiée 76/308/CEE du 15 mars 1976 concernant l'assistance mutuelle en matière de recouvrement des créances résultant d'opérations faisant partie du système de financement du Fonds européen d'orientation et de garantie agricole, ainsi que de prélèvements agricoles et de droits de douane, et relative à la taxe sur la valeur ajoutée et à certains droits d'accise. La directive en question était à transposer pour le 1er juillet 2002 au plus tard.

Le champ d'application matériel décrit à l'article 2 du projet de loi est étendu aux:

- impôts sur le revenu et la fortune;
- taxes sur les primes d'assurances;
- amendes, à l'exclusion des sanctions à caractère pénal, décernées par les autorités nationales en rapport avec les créances à recouvrer.

Limitée dans sa portée actuelle à l'égard d'un nombre forcément restreint d'opérateurs économiques, débiteurs de droits et taxes (assujettis à la TVA, redevables de droits de douane ou d'accises), la nouvelle directive adoptée connaîtra désormais un champ d'application potentiel plus large, en étendant l'application de l'assistance à toute personne physique ou morale qui omettrait d'acquitter ses impôts directs à l'égard d'une autorité fiscale étrangère.

Dépôt par M. Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances, le 19.03.2002

Rapporteur: M. Lucien Clement

Travaux de la Commission des Finances et du Budget (Président: M. Lucien Weiler):

| | |
|---|---|
| 17.09.2002 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation et examen du projet de loi |
| 24.10.2002 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 02.12.2002 | Examen du 2e avis complémentaire du Conseil d'Etat |
| 16.12.2002 | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 18.12.2002

## 5033 - Projet de loi

**concernant les organismes de placement collectif et modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée**

Le présent projet de loi concernant les organismes de placement collectif s'insère dans une politique conséquente de consolidation et de diversification de la place financière luxembourgeoise.

En effet, notre pays sera le premier à conférer un cadre légal à la nouvelle génération d'OPC. Ce faisant, le Luxembourg démontre une fois de plus que son industrie financière repose sur des bases légales solides et cohérentes. La place luxembourgeoise vit de cela, aussi : de la réputation méritée par un travail d'encadrement législatif moderne d'activités sans cesse plus diverses.

Le projet de loi a pour objet de transposer en droit national deux Directives en matière de fonds d'investissement votées par le Parlement européen et le Conseil de l'Union Européenne le 21 janvier 2002 et publiées au Journal Officiel des Communautés Européennes (J.O.C.E.) du 13 février 2002 (les "Nouvelles Directives").

Les Nouvelles Directives ont pour objet de modifier la Directive 85/611 CEE visant à coordonner les dispositions législatives, réglementaires et administratives concernant certains organismes de placement collectif en valeurs mobilières (la "Directive OPCVM").

La Directive OPCVM avait été transposée en droit luxembourgeois en 1988 par la loi du 30 mars 1988 concernant les organismes de placement collectif (la "loi de 1988"). La loi de 1988 contient les règles de constitution, de fonctionnement, de supervision et de liquidation des organismes de placement collectif de droit luxembourgeois.

La partie I de la loi de 1988 traite des organismes de placement collectif en valeurs mobilières ("OPCVM") qui sont constitués en conformité avec la Directive OPCVM et qui peuvent de ce fait être commercialisés dans les autres Etats membres de l'Union Européenne à la suite d'une procédure d'autorisation simplifiée dans ces autres pays.

La partie II de la loi de 1988 traite de tous les autres organismes de placement collectif ("OPC") qui peuvent investir dans d'autres actifs financiers que des valeurs mobilières et qui de ce fait ne bénéficient pas du "passeport européen".

La partie IV de la loi de 1988 comprend des dispositions générales applicables à tous les organismes de placement collectif luxembourgeois, et notamment des dispositions d'agrément et de supervision par la Commission de Surveillance du Secteur Financier ("CSSF") qui est l'autorité de surveillance compétente en la matière. La loi de 1988 comprend encore une partie III qui traite des possibilités d'enregistrement à Luxembourg d'organismes de placement collectif étrangers non communautaires.

Dans la mesure où les Nouvelles Directives concernent seulement les OPCVM, ce sont essentiellement les dispositions de la partie I de la loi de 1988 qui sont affectées par la transposition des Nouvelles Directives.

La partie I de la loi de 1988 décrit les différentes formes légales d'OPCVM qui peuvent être créés à Luxembourg. Il s'agit surtout des "fonds communs de placement" et des "sociétés d'investissement à capital variable". La loi de 1988 prévoit par ailleurs la possibilité de créer d'autres types de sociétés d'investissement et vise dans ce contexte essentiellement la société d'investissement à capital fixe.

A part des dispositions sur la forme juridique des OPCVM, la Partie I de la Loi de 1988 comprend des règles détaillées sur la politique de placement des OPCVM qui répliquent fidèlement les règles de placement prévues par la Directive OPCVM. Ce sont surtout ces dispositions qui sont affectées par les Nouvelles Directives, alors que celles-ci élargissent les types d'actifs dans lesquels peuvent investir les OPCVM.

Les Nouvelles Directives élargissent le champ d'application des activités permises des Sociétés de Gestion d'OPCVM et introduisent également de nouvelles règles de fonctionnement des sociétés d'investissement (et donc aussi des sociétés d'investissement à capital variable).

Plutôt que de procéder à une modification de la loi de 1988, il a été préféré de transposer les Nouvelles Directives par le biais d'une nouvelle loi séparée. La loi de 1988 continuera dès lors d'être applicable en parallèle jusqu'au 13 février 2004 et, pour les besoins des dispositions transitoires comprises dans le présent projet de loi, jusqu'au 13 février 2007. Cette manière de procéder permet de mieux tenir compte des dispositions complexes prévoyant le passage progressif du régime juridique basé sur la Directive OPCVM vers le régime introduit par les Nouvelles Directives. Il est à noter que la structure du projet de loi est quasiment identique à celle de la loi de 1988 décrite ci-dessus avec la différence essentielle qu'il comprend une partie supplémentaire (partie IV) régissant spécifiquement les Sociétés de Gestion.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 08.10.2002

Rapporteur: M. Patrick Santer

Travaux de la Commission des Finances et du Budget (Président: M. Lucien Weiler):

| | |
|---|---|
| 19.11.2002 | Désignation d'un rapporteur |
| 02.12.2002 | Examen et adoption d'amendements |
| 16.12.2002 | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 18.12.2002

*d'Chamber online op* **www.chd.lu**

## 5053 - Projet de loi

**modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum**

## 4995 - Proposition de loi

**de M. Lucien Lux portant modification de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum**

L'adaptation du salaire social minimum telle que prévue par le projet de loi sous rubrique est fonction de l'évolution du niveau moyen des salaires et traitements pendant les années 2000 et 2001.

L'indicateur qui mesure cette évolution est obtenu schématiquement en divisant la masse des salaires d'une population de référence par la masse des heures de travail de cette même population. Il montre que le salaire horaire moyen de la population de référence a progressé entre 2000 et 2001 de l'ordre de 3,5%. L'évolution du salaire social minimum accuse partant un retard de 3,5% pour cette période. En conséquence, le projet de loi propose de combler ce retard en relevant au 1er janvier 2003, le salaire social minimum de 3,5%, de sorte que les nouveaux montants se présentent comme suit:

| | Situation actuelle | Projet de loi gouvernemental |
|---|---|---|
| ssm travailleur non qualifié (horaire) | 7,6443 | 7,9118 |
| ssm travailleur non qualifié (mensuel) | 1.322,47 | 1.368,74 |
| ssm travailleur qualifié (horaire) | 9,1731 | 9,4942 |
| ssm travailleur qualifié (mensuel) | 1.586,96 | 1.642,49 |

N.B. taux sur base de l'indice 605,61

Dépôt du projet de loi par M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, le 25.11.2002

Rapporteur: M. Marcel Glesener

Travaux de la Commission du Travail et de l'Emploi

| | |
|---|---|
| 27.11.2002 | Présentation et examen du projet de loi |
| 12.12.2002 | Examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Dépôt de la proposition de loi par M. Lucien Lux, le 16.07.2002

Travaux de la Commission du Travail et de l'Emploi

| | |
|---|---|
| 21.11.2002 | Présentation et examen de la proposition de loi |
| | Examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 18.12.2002

## Ordre du jour

1. 5031 – Projet de loi relatif à la construction d'un bâtiment annexe pour le Lycée Technique du Centre à Luxembourg-Dommeldange

   *(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motion)*

2. 5007 – Projet de loi portant modification de la loi du 15 décembre 2000 sur les services postaux et les services financiers postaux

   *(Rapport de la Commission des Media et des Communications - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mmes Erna Hennicot-Schoepges, Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et François Biltgen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.30 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5031 iwwert de Bau vun enger Annexe fir de Lycée technique zu Dummeldeng.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: den Här Fayot, d'Madame Durdu, den Här Greisen an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo den Här Nico Loes, stellvertriedende Berichterstatter fir den Här Willy Bourg. Den Här Nico Loes huet d'Wuert.

## 1. 5031 – Projet de loi relatif à la construction d'un bâtiment annexe pour le Lycée Technique du Centre à Luxembourg-Dommeldange

***Rapport de la Commission des Travaux publics***

M. Nico Loes *(CSV), en remplacement de* M. Willy Bourg *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt un éischter Stell de Rapporteur Willy Bourg entschëllegen, deen haut leider net hei ass, well e krank ass. Ech mengen, ech géif och a mengem perséinlechen Numm an ech denken och an Ärer aller Numm him eng gutt Besserung vun dëser Plaz aus wënschen. Ech géif dann, wéi gesot, a senger Plaz de Rapport zum Projet 5031 iwwert de Bau vun enger Annexe vum Lycée Technique du Centre zu Dummeldeng maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass kee Geheimnis, datt et an eisem Land u Schoulgebaier feelt. Als eng vun de grousse kommenden Erausfuerderungen an der Lëtzebuerger Bildungspolitik gëllt ouni Zweifel d'Schafung vun neien Infrastrukturen, virun allem am Postprimaire.

Mëtt November huet de Regierungsrot iwwert dee finale Bericht vum Plan sectoriel „lycées" befonnt, ee Bericht deen no zwee Joer Virbereedung duerch een interministerielle Grupp konnt virgeluecht ginn. Dëse sektorielle Plang huet sech ambitiéis Ziler gesat, déi an de kommende Joren onbedéngt mussen erreecht ginn. Et sinn dëst ënner anerem déi mëttelfristeg Schafung vun neie schoulesche Kapassitéiten, d'Dezentralisatioun vum schouleschen Angebot an d'Regionalisatioun vu Schoulgebaier op eng équilibréiert demographesch wéi och geographesch Opdeelung. D'Gemenge ginn no an no iwwert d'Konklusioune vun dësem Plang informéiert. Ech bréngen d'Hoffnung zum Ausdrock, datt d'Schlëss och deemnächst public gemaach ginn, fir datt déi zoustänneg parlamentaresch Kommissioun sech hir Meenung ka bilden.

De Lycée Technique du Centre krankt scho säit geraumer Zäit um Mangel u Plaz fir déi ëmmer steigend Unzuel vu Schüler am technesche Secondaire. An net manner wéi fënnef Annexë sinn d'Schüler vum LTC zum géigewäertegen Zäitpunkt verdeelt. Et ass kloer, datt an dëser Situatioun eng gudder Organisatioun, op schouleschem wéi och op administrativem Plang, net optimal ka sinn. Doriwwer eraus feelt et u spezifeschen Infrastrukturen an deenen eenzelnen Annexen.

De Projet de loi 5031 bréngt zu engem gewësse Grad Remedur zu dëser schwiereger Situatioun, andeems d'Regierung elo plangt ee Gebai fir 40 Klassen ze bauen. Doriwwer eraus komme verschidde Säll fir d'Direktioun an d'Administratioun vum Gebai, esou wéi fir d'Proffen an d'Éducateure vum SPOS. Dobäi kommen eng Kantin an ee Réfectoire, esou wéi ee Parking fir Autoen, respektiv Vëloen.

D'Gebai kënnt op een Terrain, deen der Stad Lëtzebuerg gehéiert, vis-à-vis vun der Dummeldenger Primärschoul, een Terrain, dee sech tëschent der Rue Nicolas Hein an der Rue Mongenast-Servais befënnt. Een Terrain, dee sech an eng gréng Zon integréiert, eng Zon, déi duerch de Plan d'aménagement général festgeluecht ass. D'Gebai, dat aus zwee Deeler besteet, an déi zwee respektiv dräi Etagen hunn, gëtt duerch eng Wiss vum existéierende Primärschoulgebai getrennt. D'Gare ass 400 Meter vum neie Gebai ewech a ganz no bei der Buslinn Nummer 14. Den Aménagement vun engem Busarrêt ass duerch déi bescheide Gréisst vum Terrain awer schwéier oder net méiglech.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt op de Rapport vun der Bautekommissioun verweise fir den Detail vun dësem Projet. Ech wëllt awer vu menger Zäit profitéiere fir op e puer Haaptpunkten anzegoen, virun allem op déi Aménagementer, déi sech fir ee bessert Fonctionnéiere vum Lycée Technique du Centre opgedrängt hunn. Et si schonn, wéi virdrun erwähnt, 40 Klasse virgesinn, dobäi kommen zwee Informatikssäll a speziell Säll fir de Chimies- respektiv de Physiksunterricht. Déi zwielef Atelieren, déi géigewäerteg an den Annexë vum Lycée Technique du Centre verspreet sinn, gi regroupéiert, wat och méi ee flexibelt Schaffen erméiglecht. Véier Raim sinn noutwenneg fir Material ze stockéieren. Dee grousse Sall fir d'Léierpersonal ass fir plus ou moins 70 Proffe geduecht an eegent sech duerch seng Gréisst och als grousse Versammlungsraum. D'Büroe fir d'Administratioun si Sekretariatsbüroen, zwee aner Büroe si geduecht fir d'Direktioun. Dobäi kënnt nach ee Büro fir een Educateur respektiv zwee Raim fir de SPOS. Wat den Accueil an d'Kantin ubelaangt, esou sinn hei alleguer déi noutwenneg Equipementer virgesinn. No de Bestëmmunge vum Arrêté ministériel vum 12. Abrëll 1994 iwwert de Bau vu Schoulinfrastrukturen, mussen nei Schoulgebaier eng Kantin hunn, an där et méiglech ass d'Mëttegiessen ze zerwéieren. Wat de private Beräich vum Léierpersonal ubelaangt, sou ass ee Büro virgesinn esou wéi Vestiairen a Sanitäranlage fir d'Personal. De Parking huet 50 Plaze fir Autoen an et ass och ee Vëlosparking virgesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Terrain mat enger Fläch vun engem Hektar an aacht Ar ass am Plan d'aménagement général vun der Stad Lëtzebuerg als een Terrain fir eng öffentlech Notzung klasséiert, wou eng Rei Beem stinn, déi d'Stad Lëtzebuerg wëllt konservéieren. Den hënneschten Deel vum Terrain ass dee vun där erwähnter Zone verte a gëtt och vun der Stad Lëtzebuerg zur Verfügung gestallt. Et ass och dësen Deel, deen an engem Hang läit, ausgehend vun der Rue Hein bis an d'Rue Henkes. Dësen Hang huet ëmmerhi siwe Meter vun der Limite vun der Propriétéit bis zur hënneschter Fassad vum neie Gebai. Doriwwer eraus ass hei relativ vill Grondwaasser an an dësem Kontext mussen och verschidde Moossname virgeholl ginn, fir um Niveau vun dem Parking all Sécherheetsvirkéierungen ze treffen.

De Site gesäit eng 45-Meter-breet Wiss vir, déi d'Primärschoul mat der neier Schoul ofgrenzt, eng Ofgrenzung, déi och duerch d'Beem nach verstäerkt gëtt. D'Gebaier integréiere sech perfekt an d'Pente vum Terrain, well déi zwee Deeler vum Gebai duerch een zousätzleche Stack décaléiert sinn.

D'Klasse- sou wéi d'Spezialraim an d'Ateliere sinn no Westen an Osten ausgeriicht, de Parking ass hallef iwwerdaacht; dobäi kommen och nach Parkplaze laanscht d'Strooss. Eng ganz Rei vu Virdeeler vum virgefäerdegte Baumaterial hu mat sech bruecht, datt dësen Typ vu Baumaterial fir dëse Projet zréckbehale ginn ass.

Wat den techneschen Equipement ubelaangt, esou ass festzehalen, datt d'Schoul net ka vun der Primärschoul profitéieren. Fir d'Käschten niddereg ze halen, ass op eng ganz Rei vun Equipementer verzicht ginn, dëst awer ouni um Niveau vun der Sécherheet ze spueren.

Nach e puer Wuert zur Architektur. Wéi gesot besteet de Projet aus zwee Deeler, déi parallell zur Pente ausgeriicht sinn. Den éischten Deel huet ee Rez-de-chaussée an zwou Etagen, een Niveau Atelier an een Niveau mat Klassesäll an och een Niveau mat Spezialsäll. Dësen Deel ass aacht Meter vun der Strooss ewech, wat domadder erméiglecht 20 Emplacementer no baussen ze schafen.

Den zweeten Deel huet ee Rez-de-chaussée an dräi Niveauen. An dësen Deel kënnt och een Deel vum Parking, eng Liwwerplaz an e Parking fir Behënnerter. An dësem Deel wäert sech och d'Verwaltung vum Gebai befannen, esou wéi zwee Niveaue mat Klassesäll. Den Haff vun der Schoul kënnt tëschent déi zwee Deeler an den Haff tëschent dem neie Gebai an der Primärschoul.

D'Atelieren hunn eng Héicht vu véier an engem halwe Meter. Dëst erlaabt et der Stad Lëtzebuerg, bei enger eventueller Reprise oder Neibestëmmung vum Gebai dëst an nei Gemengenatelieren oder vläicht och Dépôten ëmzegestalten.

D'Fassad besteet aus thermolackéierte metalle Placken, d'Ateliere si mat groussflächege Fënsteren ausgestatt an déi zwee Deeler vum Gebai sinn doriwwer eraus mat engem Glasdaach versinn, deen een awer och nach herno kann eventuell mat Vegetatioun beplanzen.

Déi staark Pente vum Terrain bréngt awer mat sech, datt deen ënnerierdesche Parking zu engem Deel iwwerdaacht ass, an datselwecht gëllt och fir déi hënnescht Fassad vun der Kantin.

D'Käschte vun dësem Projet belafe sech beim Indice semestriel des prix à la consommation op den 1. Abrëll 2002 op 26,7 Milliounen Euro. D'Exploitatiounskäschte belafe sech op 480.000 Euro an d'Dépensë ginn iwwert de Fonds d'investissement public scolaire getätegt.

Ech mengen dëst wieren d'Haaptpunkte vun dësem Projet gewiescht, deen de 7. Oktober 2002 vun der Bauteministesch Madame Erna Hennicot-Schoepges an der Chamber deponéiert ginn ass, an an der Kommissiounssitzung vum 24. Oktober 2002 ass de Kolleeg Willy Bourg als Rapporteur désignéiert ginn.

D'Dispositioune vum Projet, d'Pläng esou wéi den Avis vum 22. Oktober 2002 vum Statsrot sinn an der Sitzung vum 18. Februar 2002 ënnert d'Lupp geholl ginn an de schréftleche Rapport konnt an därselwechter Kommissiounssëtzung ugeholl ginn. De Statsrot huet sech och mat dem Text averstane gewisen.

An de Kommissiounssitzunge sinn och eng ganz Rei Froen opgeworf ginn, op déi ech nach wëllt e bëssen agoen. D'Kommissioun huet an hirem Bericht festgehalen, datt déi zréckbehale Propositioun fir de Lycée Technique du Centre vun Dummeldeng nëmmen eng provisoresch Léisung ka sinn, well sech déi 1.000 Schüler op déi 40 Klasse verdeele mat engem Taux vu 25 Schüler pro Klass. Een adequaten Unterrecht ass méiglech, et ass awer och duerch déi héich Schülerzuel bestëmmt net deen einfachsten Exercice.

Am Fall wou d'Infrastruktur schnell un hir Limitë stéisst, bleift d'Léisung fir ee Stack derbäi ze bauen.

Verschidde Memberen an der Kommissioun hunn de Virschlag gemaach, fir de Site vun den alen Industriebroochen zu Dummeldeng a Betruecht ze zéien. De Ministère huet awer kloergestallt, dass den Terrain am Moment net exploitabel ass, mä dass den Terrain eventuell kéint fir den Ausbau vum Lycée technique vu Bouneweg a Fro kommen.

Ech hat uganks vu menger Interventioun op de Plan sectoriel „lycées" higewisen. D'Kommissioun huet de Wonsch zum Ausdrock bruecht, dass d'Konklusioune vun dësem Plang och sollen an enger gemeinsamer Sitzung mat der Educatiounskommissioun diskutéiert ginn. Verschidde Memberen aus der Kommissioun hate gewësse Bedenken iwwert d'Proximitéit vum Gebai zu der Dummeldenger Primärschoul, mä déi Responsabel aus dem Ministère hu préciséiert, dass d'Schoulhäff an d'Gebaier kloer getrennt géife ginn. Wat den Uschloss un eng Kogenerationszentral ubelaangt, esou ass säitens vum Ministère préciséiert ginn, dass e Gebai an der Gréisst vun deem zu Dummeldeng ze vill ongenotzten Hëtzt produzéiert. Dat ass d'Ursaach, firwat dass eng Gasheizung als ekologesch Léisung zréckbehale ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen dass ech lech elo konnt déi néideg Prezisiounen zu dësem Projet ginn. De Kolleeg Willy Bourg huet e gudden a prezise schréftleche Rapport preparéiert. Ech wëll him am Numm vun eiser Fraktioun merci soe fir seng Aarbecht. Mat dem Accord vu menger Fraktioun schléissen ech dee mëndleche Rapport vun der Bautekommissioun of an ech hoffen, dass mer dëse Projet kënne stëmmen. Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Nicolas Strotz agedroen. Den Här Strotz huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann den Nico Loes den Accord vun der Fraktioun gëtt, erlaabt mer awer e puer Wuert zu dësem Projet ze soen. Fir d'éischt him als Berichterstatter am Numm vum Willy Bourg merci fir de Rapport, deen hien eis hei virgedroen huet. Mir sinn hei a Presenz vun engem Projet, dee wierklech eng Noutwendegkeet ass, sinn dach d'Schüler vum Lycée Technique du Centre de Moment op fënnef Sitë verdeelt, wat net onbedengt en Idealfall duerstelle kann.

Et gëtt versicht schnell eng Léisung ze fannen. Esou gëtt de Projet no engem System opgebaut, deen e Genre Baukastesystem a Form vu Konstruktioun ass, esou dass hie schnell realiséiert gi kann. Esou ka kuerzfristeg dem Manktem u Schoulraum vum Lycée Technique du Centre entgéint gewierkt ginn.

Dass déi jëtzeg Situatioun awer net onbedengt en Ideal ass, ech mengen, domat si mer all hei d'accord. Et ass awer méi wéi eng Noutléisung. Et ass gewosst, dass nach ëmmer déi Raimlechkeeten, déi do opgeriicht sinn, net enger voller schoulescher Infrastruktur entspriechen, esou dass nach ëmmer e gewëssene Schülertransport hin an hier weiderhi muss geschéien. Prinzipiell wëll ech dofir soen, dass mer alles versiche sollen, fir an der Zukunft Lycéeën ze bauen, wou komplett Zyklen ugebuede ginn. Lycéeën, déi da voll eegestänneg schaffe kënnen.

Et war ugeschnidde ginn, dass an der Kommissioun driwwer diskutéiert ginn ass, ob net d'Friche industrielle vun Dummeldeng eng Léisung hätt kënnen duerstellen, fir méi e grousse Komplex opzeriichten. Et muss een awer dozou soen, dass dee Komplex: éischtens net fräi ass fir de Moment; zweetens een deen nach ëmmer an der Reserv kann halen; dréttens wëll ech awer soen, dass mer hei eng vehement Diskussioun haten, wéi et eng Kéier geheescht huet e Lycée Technique Mathias Adam op eng Friche industrielle ze setzen, déi nach quasi eng Friche war, déi virdrun net industriell genotzt gi war. Esou dass een do soll virsiichteg sinn, wann een esou Saache mécht.

Prinzipiell hunn ech kee Problem domadder, wa festgestallt ass, dass keng Altlasten op deenen Terraine leien, wéi dat zu Péiteng de Fall war. Wat mech awer gewonnert huet, dat ass, dass just...

***(Interruptions)***

...déi Propositioun vun de Kolleege vun der sozialistescher Fraktioun komm ass, déi deemools beim Lycée Technique Mathias Adam wierklech eng opgefouert haten a gemengt haten, dee Site wier wierklech net gutt fir e Lycée dorop ze erriichten.

Als President vun der Travaux-publics-Kommissioun muss ech awer e Wuert soen zu deem Problem, wou mer eis an der Kommissioun

drop festgeluecht haten, dass dëse Projet eréischt dierft op den Ordre du jour kommen, wa mer de Bail emphytéotique virleien hätten, deen zwëschent der Stad Lëtzebuerg, där den Terrain gehéiert, an dem Stat ofgeschloss wier. De Projet huet eng Urgence, esou ass et och ze vertrieden, dass hien haut de Mëtteg hei drun ass, besonnesch well de Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg mer gesot huet, dass dat Schréftstéck ënnerwee wier. Et wier an der Gemeng Lëtzebuerg gewiescht an hien hätt et ënnerschriwwen. Et ass dunn erëm zréckgaangen un de Finanzministerium, dee sech ëm déi Saache këmmert. Et wier awer nach net Retour.

Eh bien, wourun et elo wierklech läit entzitt sech menge Kenntnisser. Ech gleewen awer de Wierder vum Här Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg, mä ech halen awer drop, dass dee Bail esou séier wéi hien dann definitiv arrêtéiert ass der zoustänneger Chamberskommissioun ënnerbreet gëtt. Ech soen Iech merci.

Une voix.- Dir kënnt de Projet dach net stëmmen esou!

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, dëse Projet, fir eng Annexe vum Lycée Technique du Centre op Dummeldeng ze bauen, stellt eis Fraktioun virun e grousst Dilemma. Engersäits gesi mer an, dass mer ganz urgent Schoulraum brauchen, anerersäits muss ech soen, dass eng ganz Partie Froe bei dëser Solutioun, wéi se hei zréckbehale ginn ass, fir ons bestoe bleiwen.

Fir d'éischt gëtt et emol eng Noutwennegkeet vu Schoulraum. Mir wëssen, dass mer hei fir zwëschent 700 bis 1.000 Schüler vum Enseignement technique Raum brauchen, déi elo zwëschent fënnef Annexen iwwert d'ganz Stad verspreet sinn. Véier vun deenen Annexe muss de Stat opginn, well d'Stad Lëtzebuerg de Bail résiliéiert huet. Schonn am Joer 2000 huet d'Stad Lëtzebuerg eng Partie Gebaier zréckgeholl, déi si fir hiren eegene Bedarf gebraucht huet. Dat waren déi Gebaier, wou fréier de Complémentaire dra war a wou de Préparatoire säit 1994 weider dra war.

Mir brauchen also dee Schoulraum fir Schüler vun dem Lycée Technique du Centre. D'Zuel vun deene Schüler, déi sech an deenen Annexë befonnt hunn, louch fir 1994/1995 bäi 550 a fir d'Joer 2000 bäi 713. Et ass also keen neie Problem mat deem mer hei plötzlech konfrontéiert wieren. Et ass ee Problem, deen zënter enger Partie Joren elo op ons duerkënnt. Leider hunn ech weder am Projet nach am Rapport d'Zuelen iwwert d'Schouljoer 2002/2003 fonnt, souwéi weider keng Projektioune fir déi kommend Joren. Et ass emol déi Zuel vun 1.000 an de Raum gestallt ginn. Den Här Loes huet jo als Berichterstatter doriwwer geschwat an an der Kommissioun ass dat esou gesot ginn. D'Fro stellt sech, an ech hoffen, dass d'Madame Minister eis dann doriwwer wäert Opschloss ginn, wéi déi Projektioune sinn étant donné d'Evolutioun an deene leschte Joren, souwéi dëst Joer.

Et handelt sech bei deene Schüler ëm Élèvë vum Cycle inférieur. Et gëtt preziséiert, dass et Primoarrivantë sinn, dat heescht Schüler, déi fir d'éischt an eise Schoulsystem erakommen, déi also ganz spezifesch Besoinen hunn. Et handelt sech ëm Classes d'intégration - Septième bis Neuvième technique - a Classes du régime préparatoire.

Déi Schüler hunn, wéi gesot, ganz spezifesch Besoinen a mussen, wat zum Beispill d'Primoarrivanten ugeet, schnell d'Sprooche léieren, fir iwwerhaapt an d'Schoul eranzekommen. Niewent deem Problem do vum Lycée Technique du Centre, wa mer elo d'Schoulsituatioun um Stadgebitt kucken, hu mer eng ähnlech schwiereg Situatioun am Lycée technique vu Bouneweg, wou och eng Partie Élèvë vum Préparatoire a Container sëtzen. De Lycée Technique de Bonnevoie muss och vergréissert ginn. Do lafe jo scho säit enger Partie Joren d'Pourparlers, fir Terraine bäizekréien, fir de Lycée Technique de Bonnevoie ze vergréisseren. Dëst wär dofir eng gutt Geleeënheet, wann entweder d'Madame Bauteminister oder d'Madame Erzéiungsminister ons géif soen, ob mer do virukommen.

D'Fro stellt sech natierlech, étant donné dass dat hei sech ëm d'Gesetz vun 1994 handelt, wéi mer den Enseignement complémentaire an den Enseignement préparatoire integréiert hunn, firwat dass mat deem Bauen esou laang gewaart ginn ass a firwat dass mer elo iwwerstierzt urgent mussen eng Solutioun fannen.

Et bleiwen, an dat ass deen zweete Punkt, deen ech wollt soen, eng Partie Froen am Zesummenhank mat dësem Projet. Si si schonn zum Deel am Bericht opgeworf ginn. Et bleift zum Éischten emol déi Proximitéit zu enger Primärschoul. Ech muss soen, ech fannen dat pedagogesch net gutt, wann een eng Primärschoul huet, wou de Préscolaire, de Primaire dran ass, fir direkt doniewent ee Lycée ze bauen. Et ass hei zwar vu Beem geschwat ginn, déi dertëschent sinn, mais il ne reste pas moins, dass et eng ganz no Proximitéit ass zu der Primärschoul. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass : den Terrain ass kleng. Dat wësse mer. En ass ganz bestëmmt ze kleng fir e Bau wéi deen hei. Et gëtt gesot, dass keen aneren um Plang vun der Stad Lëtzebuerg ze fanne wär, an dann déi berühmte Geschicht vun dem Bail emphytéotique. Selbstverständlech muss jo dee Bail emphytéotique eng Konventioun tëschent dem Stat an der Stad Lëtzebuerg sinn, an déi Konventioun muss duerch de Gemengerot goen, an déi Konventioun ass nach net am Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg gewiescht, esou dass fir den Ableck, reng formal op jidde Fall, déi Konventioun tëschent dem Stat an der Stad Lëtzebuerg net besteet. Ech mengen, dat muss een awer ganz kloer soen. Ech respektéiere gäre wat den Här Strotz hei gesot huet, dass en Accord vum Här Buergermeeschter do ass, mä rechtlech formal muss déi Konventioun tëschent dem Stat an der Stad Lëtzebuerg duerch de Gemengerot goen. Dat wëll ech hei gesot hunn, fir dass d'Chamber kloer doriwwer Bescheed weess.

Et ass och u sech e Gebai, wann ee kuckt wat an deem Gebai ass, wat fir eng Schoul, esouguer wann et nëmmen eng Annexe ass, eigentlech onzefriddestellend ass. Et si 40 Klassesäll fir e Maximum vu 25 Schüler. Dat ginn also déi 1.000 Schüler vun deene geschwat gëtt. Et sinn eng Partie Atelieren an et si relativ wéineg aner Säll derbäi, dat heescht aner Säll, wou ee méi kleng Gruppe vu Schüler kënnt enseignéieren, déi spezifesch Besoinen hunn. Et gëtt natierlech dann och kee Sportsterrain, et gëtt guer keng Sportsinfrastruktur. Déi Schüler mussen dann also och erëm eng Kéier gefouert ginn, a wat mech och frappéiert huet: Et gëtt eng Kantin fir 130 Schüler. Also do wär ech frou wann ee mer dat emol géif erklären. Hei kréie mer eng Schoul vu mindestens 750 Schüler a mir maachen eng Kantin fir 130 Élèven, wou ech jo unhuelen, datt déi Kanner, déi an déi Annexe do ginn, héchstwahrscheinlech net d'Zäit kréie fir mëttes heem iessen ze goen, op jidde Fall déi gréissten Zuel net. Et gëtt och keng Autobusgare, well den Terrain eben esou kleng ass, an do muss ech erëm eng Kéier soen, wann een dat Gewulls gesäit bei deene Lycéeën, déi et dorëmmer gëtt um Lampertsbierg, an der Stad, Robert Schumann, Lycée Technique du Centre an esou weider, da muss ee sech wierklech d'Fro stellen, ob dat akzeptabel ass, well fir esou vill Schüler ze évacuéieren, dat gëtt jo net näischt, an dat sinn also Schüler vum Cycle inférieur, déi jo awer nach ganz lieweg a ganz wibbelech sinn.

Da muss ech och soen, datt déi Konstruktioun hei mech e bësse stutzeg mécht. Bon, ech verstinn, datt mer wëlle schnell bauen an datt mer och bëlleg bauen. Et gëtt also eng semi-provisoresch Konstruktioun. Et huet kee mer gesot, wat dat heescht. Semi-provisoresch, sinn dat fënnef Joer, zéng Joer, kënnt geschwënn en anere Lycée fir déi Kanner hei? An da gëtt och gesot, déi Atelieren, déi dra sinn, sinn esou gebaut, datt se vun der Stad Lëtzebuerg kënnen iwwerholl ginn, datt se réutilisabel sinn a wann d'Stad Lëtzebuerg géif deen Terrain iwwerhuelen, datt se dann an deene Gebaier kënnt hir Servicer ënnerbréngen, datt se dat kënnt als Dépôt gebrauchen. Dat steet alles an deenen Explikatiounen, déi mer kréien, fir ons dat e bësse méi schmackhaft ze maachen, mä ech muss Iech soen, wann eng Schoul wéi déi hei mat enger provisorescher, semi-provisoresch Bauweis héchstwahrscheinlech zéng bis fofzéng Joer an Aktivitéit ass, ech gleewen net, datt se dann nach ganz vill réutilisabel ass.

Also, menger Ansiicht no ass déi semi-provisoresch Bauweis, déi hei gebraucht gëtt, eigentlech nëmmen ze vertrieden, wann ee relativ schnell hannendru probéiert eng Solutioun ze fannen, fir e weidere Lycée technique an der Stad ze bauen, op enger Plaz wou een en autonomt Gebai kann opriichten. Ech wier wierklech frou, wa mer vun deenen zoustännege Regierungsmemberen Assurancen an där Hinsicht kréichen.

Dat sinn eng Partie méi materiell Froen, déi och an der Kommissioun zum Deel opgeworf gi sinn. Da wollt ech nach e Wuert soen zu deem wat den Här Strotz hei gesot huet, wat d'Frichë vun Dummeldeng ugeet.

Déi Frichë vun Dummeldeng, dat ass ee vun deene leschte groussen zesummenhängenden Terrainen, déi mer nach um Stadgebitt hunn, an ech mengen, et wier elementar, datt ee sech Gedanke géif maachen, wat kënnt domat geschéien. Bon, ech weess ganz gutt, datt dat Terrainë sinn, déi weder der Stad nach dem Stat gehéieren. Dat sinn ARBEDs-Terrainen a wann een eng Kéier eppes do wëllt maachen, da muss een natierlech mat der ARBED doriwwer schwätzen an da muss een éischtens selbstverständlech d'Entsuergung vun deem Terrain an d'A faassen. Dat ass evident. Mir hunn d'Goudronsfabrik zu Gaasperech entsuergt, a wa mer mat deem Terrain hei eppes wëlle maachen, da musse mer och deen Terrain entsuergen. Här President, dat wollt ech awer à l'adresse vum Här Strotz soen, dat schéngt mer wesentlech ze sinn, …

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Sot dem Här Zanussi dat emol, wat deen déi leschte Kéier hei en Zauber opgefouert huet, wéi mer deen anere Lycée opgeriicht hunn.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Ech mengen also, datt mer hei e groussen Terrain hunn, dee mëtten an enger Uertschaft läit, deen och gutt un d'Eisebunn ugebonnen ass, a wou ee sech och wierklech Gedanke ka maachen - a wat méi séier, wat besser -, fir zum Beispill en autonomen technesche Lycée mat allen Divisiounen ze bauen, wou een dann dat kann erreechen, wat jo awer pedagogesch am Gesetz vun 1994 iwwert den Enseignement préparatoire virgesi war, nämlech d'Integratioun vum Préparatoire an den Enseignement technique. Dat ass eppes wat mer bis elo nëmmen deelweis erreecht hunn. D'Finalitéite vum Préparatoire sinn der jo awer zwou.

Éischtens den direkte Passage à la vie active, wann ee bis un d'Enn vum Préparatoire kënnt, oder virun allem war dat geduecht als e Passage an den Enseignement secondaire technique, Cycle inférieur oder moyen, Régime professionnel, fir dann eben deene Kanner, déi am Complémentaire an engem Ghetto waren, eng Méiglechkeet am Préparatoire ze ginn trotzdeem eng Qualifikatioun ze kréien, an op déi Manéier och eng besser Chance am Liewen ze hunn.

Ech muss och soen, dass, pedagogesch gesinn, grouss Lycéeën - elo baue mer jo hei eng Annexe fir 700 bis 1.000 Élèven, de Lycée Technique du Centre huet der jo och schonn 1.200, 1.300; dat ginn also Megalycéeën - net à taille humaine sinn, an ech mengen net, datt mer op dee Wee solle goen, reng pedagogesch op jidde Fall gesinn.

Ech wollt déi puer Saache soen, Här President, fir Iech ze weisen, datt mer wierklech an engem Dilemma hei sinn, a wa mer och onsen Accord zu dësem Projet ginn, Här President, dann ass et fir d'alleréischt am Intérêt vun deene Kanner, wou ganz vill friem Kanner sinn, déi keng Lobby hunn, fir sech eben anstänneg Schoulkonditiounen ze schafen, déi bis elo an deene leschte Joren a lamentabele Konditioune Schoul gehale kruten. Et ass also ons Haaptmotivatioun fir dat ze maachen. Mä ech mengen och, datt besonnesch déi Kanner, déi et ganz schwéier an der Schoul hunn, déi et och ganz schwéier hunn, fir sech an ons Schoul ze integréieren, eigentlech e bëssen eppes Besseres verdéngt hätte wéi dat hei.

Merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'éischt wëllt ech dem Rapporteur merci soe fir säi schréftleche Rapport. Ech mengen, ech kann d'Guttheet vu sengem Rapport ëmsou besser bewäerten, well ech jo eigentlech net Member an der Bautekommissioun sinn an awer d'Missioun kritt hu fir d'Stellung vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ze huelen. Ech wëllt awer dem Rapporteur merci soe fir säi mëndleche Rapport; dee war ganz gutt.

D'Konstruktioun vun dësem Gebai beweist, dass d'Regierung déi Engagementer, déi se geholl huet, och ausféiert. Ech erënneren hei un d'Aussoen, déi ech bei de Budgetsdebatte gemaach hunn, wou ech gesot hunn, de Plan sectoriel „lycées" gëtt ëmgesat, no an no, wann den Ausbau an d'Opbesserunge vu bestoende Gebaier respektiv vun den Neibaute vu Lycéeën envisagéiert sinn. Ech mengen, hei ass elo d'Ëmsetzung vun esou engem Projet.

Deen heite Projet ass engersäits als Ausbau ze verstoen, e kann awer och als Neibau gesi ginn. Als Ausbau an deem Sënn, dass et den Ausbau vun engem bestehende Lycée betrëfft, nämlech de Lycée Technique du Centre. Also een Ausbau an deem Sënn, dass et jo ee bestehende Lycée ass, deen ausgebaut gëtt, deen och vergréissert gëtt, an deen op engem Site zesummebruecht gëtt, wat menger Meenung no eng gutt Léisung ass, well fir op fënnef verschiddene Plaze Kanner ze betreien, dat fannen ech keng ganz glécklech Léisung, wann et soll een eenzege Lycée sinn. Et ass en Neibau an deem Sënn, dass et een neit Schoulgebai ass op enger neier Plaz, an dass och dru geduecht ginn ass, wann d'Kannerzuel erop geet, dass deem och Rechnung gedroe gëtt.

Ech wollt just eng Remarque maachen a punkto Plan sectoriel „lycées". Et ass mer opgefall, wéi ech de Projet, de Rapport vun der Kommissioun gelies hunn, an och wéi ech d'Budgetsdebatte verfollegt hunn, an och elo wéi ech dem Här Loes nogelauschtert hunn, dass dee Plan sectoriel „lycées" vläicht nach net genuch diskutéiert ginn ass. Ech géif dofir vun der Geleeënheet profitéieren, vu dass zwou Ministesche vun deenen dräi concernéierte Ministèren, déi am dem Plan sectoriel zesumme geschafft hunn, hei sinn, suggéréieren, dass se zesummekomme mat deenen dräi concernéierte Kommissiounen déi do sinn, déi vun den Affaires intérieures, déi vun der Education nationale an déi vun de Bauten, fir dass mer eng Kéier dee Plan sectoriel „lycées" a senger allerleschter Versioun virgestallt kréien, an dass mer dat eventuell Ufanks des nächste Joers sollte maachen.

***(Interruption)***

Ass et well décidéiert? Ma dat freet mech.

26.700.000 Euro si virgesinn. Och hei erënneren ech u meng Aussoen an de Budgetsdebatten, wou ech drop higewisen hat, dass de Fonds d'investissements publics scolaires eminent gesteigert gi war dëst Joer. An hei sinn da 26.700.000, déi aus dem Fonds geholl ginn, fir dëst Schoulgebai ze bauen. Also hei en Engagement vun der Regierung, wat agehale gëtt.

De ganze Cycle inférieur gëtt, wéi gesot, hei zesummegesat, 40 Klassesäll, véier Classes spéciales, zéng Atelieren, eng Structure d'accueil fir d'Kanner. Och eng Partie administrativ Logementer, oder Compartimenter, wéi ee se dann eben nennt, mat Parking fir Autoen a Rieder, sinn op dësem Site virgesinn. An et huet dann och den Avantage, dass an der Iwwergangszäit d'Kanner net op engem Chantier musse liewen an net mat engem Chantier konfrontéiert ginn, wat menger Meenung no een Avantage ass.

Ech wollt hei just op een Deel vun deene Remarquen, déi am Rapport vun der Kommissioun stoungen, agoen. Et ass monéiert ginn, dass do awer elo op eemol ee Primärschoulgebai an ee Lycée technique Cycle inférieur beienee kéimen, an dat wierklech ganz ganz no. Ech wëllt drop hiweisen, dass op alle Fall mol getrennte Spillplaze fir déi zwee Schoulgebaier do sinn. Ofgesi vun deene Beem, déi dann do d'Trennung maachen. Mä doriwwer eraus muss ech soen, dass, wéi ech déi Remarquë gesinn hunn, ech net esou richteg wosst ob ech doriwwer sollt laachen oder ob ech mech sollt doriwwer opreegen.

Ech hat am Fong geholl do zwou Remarquen dozou envisagéiert gehat. Déi eng, déi schéngt sech net ze bewouerechten, mä, nodeems wat ech am Rapport gelies hunn, hat ech den Androck, dass e bëssen een NIMBY-Effekt géif do matspillen, dass ech den Androck hat, et géif vläicht Leit an deem Quartier oder op deene Plazen do ginn, déi net esou glécklech wären, e Lycée an hir Noperschaft ze kréien. Ech mengen, mir insgesamt alleguerten als Politiker sollten de Leit de Message ginn, dass et wichteg ass fir Schoulgebaier ze bauen, an dass et en Avantage ass fir Kanner an eng Uertschaft oder an eng Gemeinschaft opgeholl ze ginn, an dass et ee falsche Message ass un d'Kanner, wann ee seet: „Ah neen!" Hei fänken d'Leit un ze reklaméiere

géint ee Lycée. Ech fannen dat eng ganz ongesond Haltung vun de Leit. Mir sollten als Politiker, egal wéi mir do sinn, op kee Fall esou eng Attitude énnerstëtzen.

Da wëllt ech nach eppes soen. Komescherweis sinn et och elo Leit - well ech hei jo no eenzelnen Zeitungsartikelen an anere Kommentare gelies hu bei der PISA-Etüd an eng vun de Revendicatioune vu gewëssene Leit ass et fir ze soen, den Tronc commun misste mir erëm aféieren. Ech wëll dorunner erënneren, dass Tronc commun bedeit, dass d'Kanner bis 15 Joer am Prinzip an engem Schoulgebai sollen zesumme sinn. Hei kommen elo Kanner no beieneen, bis 15 Joer. An elo kréie mir op eemol hei gesot: „Ah neen, dat ass awer keng ganz gutt Léisung a keng ganz gutt Iddi." Also ech weess awer do net, wou d'Konsequenz an den Iwwerleeunge vun deene Leit ass. Déi géif ech invitéieren, nächstens bei esou Aussoen opzepassen.

Op där anerer Säit wëll ech dann deenen, déi vläicht elo den Tronc commun revendiquéieren an e wahrscheinlech vun dëser Regierung net accordéiert kréien, soen: Mäi Gott, bei enger nächster Regierungsbildung, wann Dir do vläicht dann d'Iddi vum Tronc commun duerchsetzt, dann hutt Der hei op alle Fall eng Plaz wou Der dann den Tronc commun kéint direkt an d'Wierklechkeet ëmsetzen.

Wat déi Problematik vum Bail emphytéotique betrëfft, do muss ech lech soen, do wäert ech elo net drop agoen, do ass dee stater Buergermeeschter besser placéiert fir do Positioun ze ergräifen. Ech wëllt lech op alle Fall soen, dass ech mat all dësen Iwwerleeungen der Chamber nëmme ka recommandéieren dëse Projet ze stëmmen. Ech war och ganz frou ze héieren, dass déi gréissten Oppositiounspartei dëse Projet och wäert stëmmen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt ee Merci un all déi Leit, déi un deem Projet hei matgeschafft hunn. Mäi Fraktiounskolleeg, den Här Jean-Pierre Koepp, huet an der zoustänneger Bautekommissioun säin Accord zum Rapport ginn. D'ADR-Fraktioun wäert hei herno och net géint dee Projet stëmmen.

Den Ausféierunge vum Vertrieder vun der sozialistescher Fraktioun bräicht ech eigentlech näischt méi bäizeflécken. Virum Dilemma, deen hie genannt huet, do sti mir och. Just wëll ech bemierken, dass et dach awer ee sozialistesche Bauteminister war, dee ganz laang keng Schoul gebaut huet.

Aus den Texter, déi mer virleien hunn - an dem Exposé des motifs vum Bauteministère, am Avis vum Statsrot esou gutt wéi am Rapport vun der Bautekommissioun -, kënnt awer eppes ganz kloer eraus. Dës Regierung schafft grad esou schlecht wéi all déi virdrun, mat jorelaanger Schlamperei, ouni Viraussiicht, mat Gewurschtels a provisoresche Bauten. An da ginn ënner Zäitdrock mangelhaft Noutléisungen duerchgedréckt.

Här President, fir ze beweisen, dass ech net iwwerdreiwen, zitéieren ech Ausschnëtter aus den offiziellen Texter, wéi se vun der Regierung virgeluecht gi sinn. An der Partie technique, am Exposé des motifs, do steet: „Le projet se situe sur le terrain voisin de l'école primaire de Dommeldange. Les friches industrielles de la Mecan-ARBED se trouvent vis-à-vis du terrain d'implantation. L'aménagement d'une gare d'autobus n'est cependant pas possible, en raison de l'exiguïté du terrain. Les bus pourront cependant stationner le long de la rue." Et gëtt och vun der Nappe phréatique geschwat. Alles dat ass schonn hei gesot ginn. Ech wëll och nach een anere Saz zitéieren: „…ne bénéficie pas d'infrastructures sportives."

Wat heescht dat am Kloertext? All dës Donnéeën, déi si schonn hei genannt ginn, mä dat heescht, dass déi Schoul hei gebaut gëtt op enger Plaz, déi net dofir gëeegent ass.

Et steet och do, dass déi Noutléisunge mussen ugewannt gi wéinst där rapider Zounahm vun de Schüler. Dozou muss ech soen: Wëllt d'Regierung de Leit da wierklech opdréien, dass d'Schüler direkt am Alter vun zwielef Joer géife vum Himmel falen? Oder wëllt d'Regierung eis gleewen dinn, just den Zouwuess vu bausse wär Schold, mat kéipweis Familljen, déi am Alter vun zwielef Joer grad elo hei an den Technique wëllen? Och den Iwwergank vum ënneschten Zyklus vum Technique, aus dem primären Unterrecht an de Secondaire technique, ass net op eemol aus heiterem Himmel op d'Regierung agefall. Dat hätt dach ee vergaangenen Educatiounsministère jorelaang am Viraus plange missen, ier et ausgefouert ginn ass.

Den Här Fayot huet hei vun aacht Joer Zäit geschwat, sou dass de Bauteministère genuch Zäit am Viraus gehat hätt fir nei Gebaier ze plangen. Keng Koordinatioun also vum Schëff. Dat alles si Virgäng, déi een nëmme mat jorelaanger Schlamperei a Feele vu Viraussiicht erkläre kann.

**Une voix**.- Dat ass jo duerch PISA bewisen. Mir kënnen net rechnen, Här Greisen.

**M. Fernand Greisen** *(ADR)*.- Wat erkenne mer hannert den Aussoen, déi an all deenen Texter stinn, déi mer vun der Regierung virgeluecht kréien?

Éischtens sinn d'Schüler vum technesche Lycée bis elo a fënnef Annexë provisoresch ënnerbruecht gewiescht. Dëse Provisorium dauert awer scho jorelaang, jorzéngtelaang. Firwat ass näischt éischter geplangt a gebaut ginn? Huet kee Majoritéitspolitiker vu kenger Regierung an all deene Joren eppes an Uecht geholl?

Zweetens d'Container um Lampertsbierg hannert dem IST sinn op eemol ofgenotzt. War den Entretien ze deier, ass kee gemaach ginn oder ass d'Ofnotzung op eemol plötzlech am leschte Moment agetratt? Kloer ass just eppes: All dës Tatsaache beweisen, dass d'Regierung jorelaang mat provisoresche Bauten ouni Konzept gewurschtelt huet.

Här President, elo kréie mer als leschten Auswee en Neibau, e Projet presentéiert, deen nëmmen eng Noutléisung ass, net passt an net komplett ass. Dee musse mer aus Zäitgrënn unhuelen, well et soss erëm vill ze laang dauert. Op déi Aart a Weis si mer scho beim Bau vun de Gebaier um Geesseknäppchen ënner Drock gesat ginn, mat der Tatsaach entweder do ze bauen, wou si se hi wollten oder jorelaang op eng besser Plaz ze waarden. Dës Texter an der Baubeschreiwung weisen och dorobber hin.

Hannert den doucen Ëmschreiwunge vun de Problemer gëtt däitlech, dass éischtens entgéint den Avise vun alle Schoulfachleit erëm eng Kéier d'Kanner aus der Primärschoul zesummepraffe mat Schüler, déi vill méi al sinn an aneschters ugepaakt musse ginn. D'Fro, ob en anstännegen Unterricht méiglech ass, mat 25 Schüler an enger Klass, mat 1.000 Schüler um Site, bleift onbeäntwert am Raum stoen. Op alle Fall ass de Gedanken, fir nodréiglech nach en zousätzleche Stack op d'Gebai ze setzen, zimlech riskéiert.

Zweetens den Terrain, dee vis-à-vis vun deene verseuchten Industriefrichë vun der fréierer CASA läit, bedeit, dass d'Regierung keng Rücksicht hëlt op eventuell Gesondheetsrisike vun de Schüler. Dass d'Gebai sech op engem ze héije Waasserspigel am Buedem befënnt, an trotz deieren Ofdichtunge riskéiert Fiichtegkeet an d'Klassesäll eropzezéien, bedeit e weidere Gesondheetsrisiko.

Véiertens ass keng Plaz fir eng Busgare derbäi. D'Autoe kënne jo laanscht eng schmuel Duerfstrooss parken. Domat huet d'Regierung héich Risikoe fir Verkéiersonfäll virprogramméiert. Schlussendlech gëtt och däitlech, dass keng Plaz do ass fir d'Sporterzéiung vun der Jugend. Dofir ass de Bau ze kleng. Ass dat déi nei Educatiounspolitik vun dëser Regierung?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat hiren eegenen Aussoe beweist d'Regierung, dass mer elo ënner Zäitdrock nees eng schlecht Noutléisung virleien hunn. D'Sprange vun Noutléisung zu Noutléisung ass den Nationalsport, deen eis Regierungen eis bis elo ëmmer presentéieren.

Zum Ofschloss wëll ech nach ervirhiewen, dass de Statsrot a sengem Avis bemängelt huet, dass dem Budgetsminister säin Avis nach géif feelen. Ech wollt d'Fro stellen, ob dat dann elo an der Zwëschenzäit geschitt ass.

Här President, nodeem wat ech hei erkläert hunn, misst d'Fraktioun vum ADR eigentlech géint de Projet stëmmen, mä well d'Schüler awer en neit Gebai brauchen an näischt fir d'Schlappefléckerei vun der Regierung kënnen, stëmme mer dem Bau zou,...

***(Brouhaha général)***

**Une voix**.- Dat ass bal wéi zu Fréiseng. Dat do géif och fir d'Gemeng Fréiseng zoutreffen. Et deet mer Leed fir d'Leit, déi zu Fréiseng wunnen, mä...

**M. Fernand Greisen** *(ADR)*.- ...net awer ouni ervirzehiewen, dass hei d'Regierung eleng eng grouss Responsabilitéit huet fir all Nofolgeschied a -käschten.

Ech soen lech merci.

**Des voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Wann Dir et gären hätt, da brénge mer nach eng Motioun an, fir de Pei-Musée an eng Schoul ëmzefunktionéieren.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, meng Virriedner hu schonn eng ganz Rei vu Kriticken ubruecht. Haaptsächlech deene vum Här Fayot kann ech mech nëmmen uschléissen. Et ass awer och virdru vun der Vertriederin vun der DP eng interessant Iddi komm am Kontext vum Bau vun där Annexe hei, nämlech d'Iddi vum Tronc commun.

Do hunn ech mer d'Fro gestallt, wann een e bësse méi utopesch denkt, firwat dass mer eigentlech net hei tatsächlech méi wäit geduecht hunn, amplaz dass mer hei zwou Schoulen nieftenee setzen, wou mer garantéiert - an do sinn ech net mat lech averstanen, Madame Durdu - wäerte Problemer kréien; firwat hu mer eis net e pedagogescht Konzept ausgeduecht, fir dass déi Schülerinnen a Schüler vu verschiddenen Altere besser kéinten op deem klengen Territoire, deen et nun eben ass, zesummeliewen an zesummen an d'Schoul goen.

Ech denken, dass wann ee wéilt an déi Richtung goen ee sech effektiv Gedanke misst maache wéi esou Konzepter kënnen ausgesinn. Dat ass awer bei deem heite Projet leider net de Fall gewiescht. Ech hu mer elo grad vu mengem Kolleeg Jean Huss soe gelooss, dass et a Länner, wéi Finnland, déi jo am Moment ëmmer esou vill am Kader vun der PISA-Studie zitéiert ginn, en Tronc commun gëtt bis 15 Joer, an dass dat och positiv Friichten dréit. Mir ginn hei zu Lëtzebuerg net an déi Richtung a mir schafen Trennungen, déi dann herno awer och an der Praxis erëm eng Kéier fir vill Problemer suergen, well d'Kanner och vum Altersënnerscheed hier net unenee gewinnt sinn, a sech dann noutwennegerweis wäerte Konflikter erginn.

Dat vläicht just als kleng Klamer zum Thema Tronc commun. Ech wéilt awer dann op de Projet hei zréckkommen. Nieft deene Kritицken, déi um schoulesche Konzept ze äussere sinn - an ech mengen och, dass de Plang vun deem Gebai hei wierklech eng desastréis Schoul- an och Travaux-publics-Politik vun deene leschte 15 Joer nach eng Kéier ausdréckt - denken ech, dass et och um Niveau vum bautechnesche Volet eng Rei vu Saachen ze bemängele ginn.

Et ass schonn ugeklongen, dass an dësem Gebai, zum Beispill keen Turnsall konnt gemaach ginn, well d'Plaz ze kleng wär. Op där anerer Säit ass awer genuch Plaz, fir Parkplazen am Sous-sol ze maachen. Et stellt ee sech e bëssen d'Fro, wat dann elo eigentlech hei Prioritéit huet, wa mer eng Schoul bauen, ob et dann net awer méiglech gewiescht wier do besser Léisungen ze fannen. Ech hu mer an der Kommissioun soe gelooss, dat wär de Problem vun der Stad Lëtzebuerg, well déi géif déi Parkplaze verlaangen. Vläicht kann de Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg nach eppes dozou soen, mä ech muss soen, dass ech et wierklech e bëssen absurd fannen, wa mer Schoule baue ginn, wou d'Parkplaze Prioritéit hu par rapport zu engem Turnsall.

D'Problematik „öffentlechen Transport" ass schonn ugeschnidde ginn. Ech denken, dass ee sech do hätt misste besser Léisungen afale loosse wéi dat, wat elo proposéiert gëtt, dass d'Schüler mussen e puer Meter, enfin e puer honnert Meter, lafen, iwwer eng Strooss, wat awer vläicht net ongeféierlech ass, amplaz dass ee sech do awer eng afale gelooss hätt, fir eng regelrecht Haltestell direkt bei der Schoul ze maachen.

Dann, Här President, vläicht e positive Punkt, well ech net ëmmer als dat wëll do stoen, dat nëmmen negativ Kritik äussert. Et ass mer opgefall bei deem heite Projet, dass mer fir eng Kéier eng Kantin integréiert hu mat enger Kichen op der Plaz. Ech wëll dat ausdrécklech begréissen, well dat war bis elo net ëmmer de Fall. Ech denken, dass dat e wichtege Schrëtt ass, an dass mer bei zukünftige Gebaier sollte bei där Praxis bleiwen. Déi Praxis ass wierklech vill méi sënnvoll wéi déi Tendenz, déi et leider och gëtt, fir d'lesse vun iergendswou kommen ze loossen, wat sech jo dann och op den Niveau vun der Qualitéit vun deem lessen auswierkt.

Här President, ech wollt eng grouss Klamer nach eng Kéier opmaachen iwwert d'Thema Energie a vläicht domat déi kleng Schluecht, déi ech an deene leschte Méint geschloen hu ronderëm dee Sujet, ofschléissen. Mir haten net nëmme wéinst deem heite Projet, mä och wéinst aneren, an der Kommissioun länger Diskussiounen. Déi Gréng haten do e Pabeier virgeluecht, wou mer nach eng Kéier eis Revendicatioune virgestallt hunn. Dat heite Gebai ass an deem Sënn erëm eng Kéier typesch, well mer e Projet virgeluecht kritt hunn, wou gesot ginn ass: „Et ass ze kleng. Mir kënne keng Cogénératioun dra maachen. Mir mussen eng Gasheizung dra maachen."

Mir hu gemengt, dass déi doten Approche am Fong geholl ausdréckt, dass d'Regierung an d'Administration publique sech net méi fundamental Gedanke ronderëm eng effizient Energienotzung maachen, well soss hätten se sech engersäits driwwer informéiert, dass et och méi kleng Cogénératioune gëtt, an anerersäits vläicht och Initiative geholl, fir ze kucken, ob et keng Partner kéint ginn, mat deenen een zesummen hätt kënnen…

Här President, et ass e bëssen ustrengend.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Trotz dem Mikro kann ech mech hei net duerchsetzen.

... eng gemeinsam Cogénératioun maachen. Et ass mer opgefall, dass ëmmer erëm do, wou schonn eng Cogénératioun besteet oder wou dann zum Beispill d'Stad Lëtzebuerg virhuet eng Cogénératioun ze maachen, de Stat net méi wéi frou ass sech mat drun ze hänken. Vläicht wier et gutt, wann d'staatlech Administratioun do selwer méi Initiative géif huelen.

Mir hu gëschter héieren, datt den Här Strotz drop higewisen huet, wat d'Regierung alles wëlles huet am Kader vum effizienten Energieasaz bei öffentleche Gebaier, an datt se och wëllt en Audit énergétique maachen. Mir begréissen dat natierlech, datt elo do eng gewëssen Dynamik awer schéngt opzekommen, mä mir haten an eise Proposen, déi mir an der Travaux-publics-Kommissioun…

**M. Nico Loes** *(CSV)*.- Iwwerall wou bis elo eppes gebaut ginn ass, ass ëmmer deenen dote Saache Rechnung gedroe ginn, wou et nëmme méiglech war.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, den Här Loes mengt, dat wier iwwerall ëmmer gekuckt ginn. Ech hunn awer och an der Kommissioun opgewisen, datt oft eréischt, nodeem datt mir als Kommissioun intervenéiert sinn, Saache bäikomm si wéi Solaranlagen, oder iwwerluegt ginn ass: Kënne mer net awer een Uschloss un eng Cogeneratioun fannen? Dat, mengen ech, musst Der mer awer bestätegen, datt dat eng Tatsaach ass. Ech hunn elo genau hei gesot: „Mir als Kommissioun". Ech mengen do wäre mir eis dann eens. Ech wëll mech och elo net hei op iergendwelleche Lorbeeren ausrouen. Ech mengen, datt mir do all zesummen dat fäerdeg bruecht hunn. Ech mengen net, datt ech dat hätt kënnen eleng fäerdeg bréngen.

Här President, eis geet dat awer trotzdeem net wäit genuch, a mir mengen och, datt do nach ganz vill Spillraum ass fir d'Regierung an, an deem Pabeier, deen ech hei kuerz wëllt resüméieren, hu mir dat och duergeluegt. Mir hunn zum Beispill an der Kommissioun vum Regierungsvertrieder gesot kritt, d'Administration publique géif ëmmer bei hiren Normen, déi se bei öffentleche Gebaier berücksichtegt, 20% wëllen ënnert der geltender Wärmeschutzveruerdnung leien. Dat ass ganz positiv, mä et kann ee sech awer d'Fro stellen, ob eng Wärmeschutzveruerdnung, déi vun 1995 ass, net vläicht esou lues iwwerholl ass, an datt wann een 20% drënner bleift, datt dat dann am Joer 2002 vläicht keen esou e groussen Effort méi ass. Et gëtt vu ville Säite gesot, datt déi Wärmeschutzveruerdnung drëngend reformbedürfteg wier, an dofir hu mir eben och proposéiert, datt d'Regierung sech soll zesumme mat den Acteuren um Terrain un een Dësch setzen an déi Wärmeschutzveruerdnung iwwerschaffen.

En zweete Punkt ass, datt et eng europäesch Norm gëtt, déi mëttlerweil och a Form vun enger Proposition de directive virläit, an déi an

éischter Lecture vum europäesche Parlament och schonn adoptéiert ginn ass. An och do denke mer, datt d'Lëtzebuerger Regierung gutt berode wier, fir déi Norm vläicht schonn am Virfeld ze applizéieren, well et wäert sécherlech den Dag kommen, wou se et souwisou muss maachen.

An dann ee wichtege Punkt ass natierlech dat allgemengt Zil vun der Energiereduzéierung esou ëmzesetzen, wéi mir et och de Privatleit proposéieren, wann d'Regierung Subside gëtt. Dir wësst jo, do wor eng ganz schéi Broschür erauskomm, wou d'Leit erklläert kréien, wat se alles vu Gelder zréckkréien, wa se sech bei hiren eegenen Haiser beméien d'Energie ze reduzéieren, zum Beispill duerch Cogenerationen, duerch Niddregenergie, duerch Solaranlagen an esou virun. Mir mengen, datt d'Administration des Bâtiments publics, wa se dat deenen anere Leit proposéiert, da sollt mam gudde Beispill virgoen an déiselwecht Normen och bei hiren öffentleche Gebaier berücksichtegen.

En drëtte Punkt ass d'Differenzéierung no den Typen a Funktioune vun de Gebaier. Et ass ganz kloer, Här President, datt een net ka bei enger Schoul, wou eventuell an der Nuecht keng Leit dra sinn, déiselwecht Kritären uwende wéi bei engem Altersheim, wat Dag an Nuecht besat ass, a wou Dag an Nuecht Besoinen do sinn un Elektresch oder un Hëtzt. Mir denken dofir, datt et wichteg ass, datt ee Critèren opstellt, déi no deene verschiddene Funktioune vun de Gebaier och variéieren, an do gëtt et eppes wat sech Energiekennzuelen nennt. Ech si keng Expertin op deem Gebitt, mä déi Energiekennzuelen heeschen am Fong, datt et spezifesch Critèrë gëtt fir déi eenzel Type vu Gebaier. Et gëtt anscheinend och e Katalog, deen ausgeschafft ginn ass vum Ordre des Architectes et Ingénieurs zesumme mam Ëmweltministère. Wa schonn dee Ministère an déi Richtung schafft, dann denke mer, misst dat awer och kënne méi breet de Fall sinn, a mir proposéieren och do, datt de Ministère des Travaux publics géif ee Bureau d'études chargéieren, fir där Energiekennzuelen, fir déi verschidden Type vu Gebaier, wéi Schoulen, Muséeën, Centres intégrés, Centres sportifs an esou virun, auszeschaffen.

Dat géif net nëmmen d'Aarbecht vun der Verwaltung selwer vereinfachen, wann et esou kloer Norme géif ginn, mä och déi vun de Bureaux d'architectes, vun den Ingenieursbüroen a vun de Bureaux d'études.

Här President, "der langen Rede kurzer Sinn": Ech hunn, par rapport zu deem doten Dossier vun der Energieeffizienz eng Motioun preparéiert, wou ech déi Punkten hei all nach eng Kéier zréckgeholl hunn, a wou mer als Gréng virschloen, datt d'Regierung invitéiert gëtt eng Rei vu Moossnamen ze huelen, déi iwwert dat erausgi wat se elo scho mécht, zum Beispill eben d'Reform vun der Wärmeschutzveruerdnung unzegoen, oder awer och déi Iddi vun den Energiekennzuelen, wéi se iwweregens och schonn an anere Länner applizéiert gëtt, opzegräifen.

Ech hoffen, datt mer mat deem heite Virstouss nach eng Kéier op d'Zoustëmmung bei deenen anere Parteie wäerte stoussen, well et ass jo e Fait, datt wa mer an déi heite Richtung géife goen, datt mer da ganz vill kënnten dozou bäidroen, fir d'$CO_2$-Emissiounen hei zu Lëtzebuerg e bëssen ze reduzéieren. An Dir wësst jo alleguerten, datt mer hei am Land ganz vill Problemer hunn, well mer an anere Beräicher leider ëmmer nach net de Problem an de Gréff kritt hunn. Ech denken zum Beispill un den öffentlechen Transport. Hei wär e Beräich, wou ee relativ einfach, ouni iergendengem op d'Féiss ze trëppelen, kënnt Neel mat Käpp maachen.

Ech soen Iech merci.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*- que l'amélioration de l'efficacité énergétique représente une partie importante des politiques et des mesures nécessaires pour se conformer aux dispositions du Protocole de Kyoto;*

*- que des mesures spécifiques sont nécessaires afin d'endiguer la consommation d'énergie dans le secteur des bâtiments;*

*- que l'Etat doit jouer un rôle de pionnier dans ce domaine en intégrant dans sa politique de construction le critère de l'efficience énergétique;*

*- que le Gouvernement est disposé à prendre des mesures dans ce sens notamment par le biais d'audits énergétiques de ses propres bâtiments;*

*invite le Gouvernement*

*- à présenter à la commission parlementaire des Travaux publics sa position quant à la proposition de directive (2002-C 203 E-12) sur la performance énergétique des bâtiments, transposant la norme européenne EN 832;*

*- à présenter à la Chambre un projet de loi portant réforme de la „Wärmeschutzverordnung" de 1995 afin de l'adapter aux potentiels actuellement exploitables;*

*- à mettre en place un groupe de travail rassemblant acteurs publics et privés afin de préparer cette réforme;*

*- à faire valoir, lors de la construction et de la rénovation de bâtiments publics, les normes décrites dans la législation allemande sur la „Niedrigenergie";*

*- à respecter lors de la construction et de la rénovation de bâtiments publics au moins les mêmes critères que ceux à satisfaire pour bénéficier des subsides du Ministère de l'Environnement aux ménages privés et aux communes;*

*- à développer des critères spécifiques pour les différents types de bâtiments (Energiekennzahlen);*

*- à charger un bureau d'études avec l'élaboration de normes indicatives pour les différents types de bâtiments.*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Paul Helminger agedroen.

**M. Paul Helminger** *(DP).*- Här President, ech wëll ganz kuerz sinn, mä ech wollt just an der Sérénitéit vun deem Débat, deen hei stattfonnt huet, awer eppes confirméieren, wat d'Stad Lëtzebuerg ubelaangt.

Fir d'éischt freeën ech mech driwwer, datt et och am Stat méiglech ass fir Prozedure parallell lafen ze loossen, well dat awer d'Beschlossfaassung insgesamt nëmme kann accéléréieren. Et ass effektiv esou, datt d'Gemeng saisiert gouf mat engem Projet de compromis, fir, wéi gesot, deen Droit de superficie oder déi Emphytéose do ze ginn op deem Terrain, datt se dee Projet och an de Servicer gekuckt hunn, dass mer dee fir gutt befonnt hunn, an datt en zréckgaangen ass un déi zoustänneg staatlech Instanzen, déi dann elo deen definitive Kompromëss sollen ausschaffen, dee mer dann och wäerten am Schäfferot, esou wéi dat eis Prozedur virgesäit, ënnerschreiwen, dann dem Gemengerot virleeën, wou ech dovunner ausginn, datt nämlech, wat ech haut an der Chamber hei héieren hunn, net nuren d'Majoritéit dee Kompromëss oder där Konventioun dann am Gemengerot wäert zoustëmmen, esou datt dann och déi legal Basis, wat den Terrain ubelaangt, wäert geschafe sinn, fir dee Projet hei virun ze dreiwen.

Fir de Rescht wollt ech der Madame Wagener just, wat Parkingsproblemer ubelaangt, soen, datt nun d'Stad bestëmmt net de Moment op dem Tripp ass fir ee Maximum vu Parkplaze prioritär wëllen ze genehmegen, mä datt mer awer vun der Realitéit ausginn, éischtens datt mer effektiv kengem wëlle virschreiwe wat fir e Fortbewegungsmëttel en huet, mä datt mer grad just am Kader vun enger Schoul, a Gott weess, datt mer an der Stad an enger Rei Quartieren dee Problem aus dem Effeff kennen, wëssen, datt déi Schoul mat all deenen Intervenanten, déi do a Fro kommen, einfach net ka fonctionnéieren, wann net eng ugemiessen Zuel vu Parkplaze virgesinn ass, an datt dat och dofir deem entsprécht, wat mer an eise Gespréicher mat de Promoteure vun deem Bau geltend gemaach hunn an och akzeptéiert hunn.

Par ailleurs, géif ech dann hei och d'Geleeënheet profitéieren, fir eng Kéier öffentlech de Wonsch auszedrécken, datt an der Bereetstellung vu Parkplaze beim Stat un déi Leit, déi vun deene Parkplaze kënne profitéieren, esou wäit wéi et sech net ëm öffentlech Parkplazen handelt, déiselwecht Rigueur an Disziplin géing applizéiert ginn, déi mer an der Stad applizéieren, nämlech datt déi Parkplazen net fräi a gratis zur Verfügung gestallt ginn, mä mat enger gewëssener Rémunératioun verbonne sinn, déi doduerch och d'Benotzung, géing ech mengen, hirem Zwéck entspriechend garantéiert.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet nach eng Kéier den Här Ben Fayot gefrot.

**M. Ben Fayot** *(LSAP).*- Här President, ech wär net hei zréck op d'Tribün komm, wann den Här Greisen net e Rundumschlag gemaach hätt géint dës Regierung, respektiv géint déi viregt Regierung, wat d'Schoulbauten ugeet.

Ech wollt awer dem Här Greisen just rappeléieren, dass déi viregt Regierung, an där effektiv ee sozialistesche Minister Bauteminister war, an där och d'CSV-Ministeren Educatiounsministere waren - an déi si jo zoustänneg fir d'Programmer fir d'Bauten -, eng ganz Partie, sou ze soen all Schoulbauten am Secondairesberäich, déi elo amgaange sinn, ugefaang respektiv fäerdeggestallt gi sinn. Ech wëll se ganz kuerz opzielen: d'Vergréisserung vum LGL, dee ganzen Ensembel Geesseknäppchen, d'Vergréisserung vum Lycée Technique des Arts et Métiers, eng nei Europaschoul, de Lycée vu Woltz, den Ausbau vum Lycée vun Dikrech, den neie Lycée vu Miersch, den Ausbau vum Lycée vu Gréiwemaacher, de Lycée Technique vun Esch-Uelzecht, de Centre de Formation Professionnelle, den Ausbau vum Lycée Diddeleng an de Neibau vum Lycée Mamer.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo d'Madame Bauteminister Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges,** *Ministre des Travaux publics.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif fir d'alleréischt wëllen dem Rapporteur vun dësem Projet, dem honorabelen Här Willy Bourg, eng gutt Besserung wënschen. Mir hunn erlieft, wéi hien an der Kommissioun sech mat engem ganz staarke Wëlle fir dëse Projet agesat huet an ech hunn och gemengt, et wier gutt wa mer dem Willy Bourg sengem Wonsch géifen nokommen an dëse Projet esou séier wéi méiglech stëmmen. De Willy Bourg huet bei dësem Projet zum Ausdrock bruecht, datt en nach ëmmer e Schoulmann ass an datt en nach ëmmer d'Problemer vu grad deenen dote Schüler gutt kennt. Ech denken, datt mer hie geschwënn erëm hei ënnert äis wäerte gesinn, an ech wëllt dat haut gesot hunn, andeems ech d'Reverenz maache viru senger Aarbecht, déi hien hei gemaach huet, a viru senger Iwwerzeegungskraaft fir dëse Projet elo nach ze huelen.

De Problem, dee mer hei ze léisen hunn, ass keen einfache Problem. Et ass ee Problem, deen historesch gewuess ass an ech géif soen, den Ursprong vun där doter Problematik geet zréck op d'Joer 1993, wou de Minister Marc Fischbach ee Gesetz abruecht huet, dat eng kleng Revolutioun am Schoulwiese war, déi awer net esou zur Kenntnis geholl ginn ass, déi zwar deemools vill diskutéiert ginn ass, mä déi een nette Broch war mat allem wat virdru war.

Wat huet dat Gesetz bruecht, wat d'Classe préparatoire agefouert huet an iwwerhaapt dee Régime préparatoire? Dat Gesetz, dat huet d'Kanner aus der Obhut vun de Gemengen erausgeholl mam Alter vun zwielef Joer. An anere Wierder, hu mer de Gemengen all hir Komplementarklassen ofgeholl, an déi, déi sech ëm d'Gemengepolitik an där Zäit gekëmmert hunn, wësse ganz genau wat fir eng Suerge se mat de Komplementarklassen haten. Wéi déi Kanner, wéi déi allerlescht op d'Ofstellgleis gesat woren, deelweis a verschiddenen Zentren, wéi se bal an der Onméiglechkeet ware fir een zesummenhängend Konzept vu schouleschem Angebot ze fannen a wéi d'Gemenge sech beméit hunn an enger Zesummenaarbecht, déi éischter spontan an improviséiert war wéi strukturéiert, ze kucken, datt fir hir Kanner dat Bescht sollt erauskommen do derbäi. Et goufen Zesummenaarbechten tëschent deene Leit, déi an de Komplementarklasse Schoul gehalen hunn, an deenen, déi an de Lycées techniques waren. Dee Projet, deen huet deemools virgesinn, datt déi Schüler sollte resolut bei d'Lycées techniques kommen an integréiert ginn. Et huet sech deemools, wa meng Mémoire richteg ass, ëm 2.000 Schüler landeswäit gehandelt. Dir Dammen an Dir Hären, do läit vill Ursprong u schoulescher Infrastruktur, déi mer net hunn, déi mer och net vun de Gemenge konnte kréien, well déi an de Gemenge streckeweis verspreet war, well se net an optimale Konditioune stattfonnt huet, a recht a schlecht si mer awer iwwert d'Ronne koum.

De Problem vum Lycée Technique du Centre ass deen, datt d'Schüler vu fënnef verschiddene Siten op eemol zesummegefouert solle ginn. Siten, déi an engem schlechten Zoustand sinn an domat urgent Moossname brauchen. Et ass ganz sécher an där Planung, déi déi lescht Regierung gemaach huet, déi dës Regierung virugefouert huet, kee Broch komm vun där enger zur anerer. Ech war op béide Säiten derbäi, ech kann dat also gutt bezeien. Déi Kritiken, déi exzessiv sinn - et huet emol eng bedeitend Deputéiert hei op dëser Tribün gesot: „Ce qui est excessif est insignifiant."

***(Brouhaha général)***

Ech hunn déi Deputéiert zitéiert, déi Dir jo alleguer schéngt ze kennen a wou Der lech och drun erënnert, a wat fir engem Kontext dat gesot ginn ass, well et ass fir munch anere Kontext gutt. Ergo ass och déi massiv Kritik, et wär guer näischt geschitt an de Schoulneibauten, exzessiv.

Den Här Fayot huet gutt dru gedoe verschidde Projeten opzezielen, déi nach ënnert dem Här Goebbels an d'Wee geleet gi sinn. Ech soen, do kënnt nach derbäi déi Annexe zu Dikrech, déi ënnert dëser Regierung fäerdeg gestallt ginn ass fir de Lycée technique, déi dozou gefouert huet, datt mer hei am Fong beim Lycée Technique du Centre op eng Iddi komm sinn, fir eng semi-provisoire Struktur dann ze bauen, op déi ech nach wäert zréckkommen. Dir hutt da Mamer, Woltz, Dikrech, Diddeleng opgefouert. Dës Regierung huet et ëmmerhi fäerdeg bruecht, fir och dee Problem zu Péiteng, wou mer zéng Joer laang dru geplangt hu fir eng Plaz ze fanne fir zu Péiteng een neie Lycée ze bauen, ze deblockéieren. Mir sinn aktiv mat der Planung amgaang fir zu Réiden ee ganz neie Lycée ze plangen a mir wäerte fir d'Schouljoer 2003 de Lycée zu Mamer kënne bezéien. Mir hunn nach ee Problem um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg mam Lycée Technique vu Bouneweg, wou mer nach ëmmer mam Terrain net eens sinn.

Dat gesot si mer hei bei dësem Projet, zumindest als Regierung, och an engem Dilemma, mä ech muss soen, den Dilemma fält mer net schwéier ze léise wann ech d'Prioritéite setzen a wann ech d'Prioritéiten zu Gonschte vun de Kanner setzen. Da gëtt et keng aner Prioritéit, ewéi dëst Gebai ze bauen. Et fënnt een ëmmer nach Léisungen déi besser sinn, a wa mer esou procédéiere beim Stat, datt een ëmmer nach waart op déi Léisungen déi besser sinn, da geet d'Zäit eriwwer. Et fënnt een herno Schwieregkeete mat deenen een net gerechent hat, et kritt een den Terrain net an esou wieder. Dofir ass meng Haltung ëmmer déi, datt de Spatz an der Hand besser ass wéi d'Dauf um Daach, an datt een dofir och pragmatesch soll virgoen. Dat heiten ass esou eng Approche.

Zur Proximitéit vun der Primärschoul, do géif ech drëm bieden, datt mir selwer als Deputéiert, als Buergermeeschteren, als Verantwortlech vun nationaler Planung dach net sollten e Problem eropbeschwieren, deen et eigentlech net däerft ginn. Mer sollte virun allem och net déi Schüler, déi an dës Schoul kommen, dohinner stellen, wéi wann et keng normal Kanner wieren. Et si Kanner déi een Encadrement brauchen an…

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG).*- Dat huet kee gesot.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges,** *Ministre des Travaux publics.*- …déi dofir an där Proximitéit zu där Primärschoul do net anescht ze behandele si wéi an anere Proximitéiten, déi et iwwert d'Land masseweis gëtt, wou mer zu Miersch eng Schoul hunn, déi direkt nieft der Primärschoul läit, wou awer keen e Problem jeemools derbäi gesinn huet a wou sech och kee Problem stellt.

Et ass da bemängelt ginn, den Terrain wär ze kleng. Dir Dammen an Dir Hären: Jo, och do, den Terrain ass ze kleng, mä besser iwwerhaapt emol en Terrain hunn, a wann en duer geet, da si mer alt domadder zefridden.

Déi optimal Léisung ass hei net dran. Ech gesi wat mer fir Schwieregkeete kréien, do wou mer mat private Leit am Verhandele si fir Terrainen ze kréien, an da sinn ech frou, datt mer hei eng Gemeng hunn, déi eis entgéint kënnt. An ech soen der Stad Lëtzebuerg an hirem Buergermeeschter merci,…

***(Brouhaha général)***

…datt mer konnten hei plangen, datt mer och konnten deen dote Problem enger einegermoosse gudder Léisung zouféieren. Mir wäerten eis selbstverständlech un déi rechtlech formal Obligatiounen halen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Et ass jo souwisou eng Phase dertëschent, wou nach d'Architekte mussen d'Detailplangen ausschaffen a wou mer also nach net elo mar de Bagger fuere loossen, a mer kënne gläichzäiteg déi zwou Prozedure matenee lafe loossen.

Ech sinn dann awer iwwer eppes e bëssen erstaunt. Hei si vun allen Deputéierte Verkéiersproblemer,

Busgare a Parking erwähnt ginn, awer vum Zuch ass net geschwat ginn. An ech géif dach mengen, dass dat heiten eng Situatioun wier, wou déi Schüler, oder eng Partie vun deene Schüler, mam Zuch kéinte kommen, zumools wou d'Gare no bäi läit. A wa mir eng Kéier dee méi schéinen Zuch oder Tram sollte kréien, oder wéi mir en och ëmmer nennen, dann ass op där doter Plaz erëm eng Kéier eng Gare virgesinn, soudass mir do déi aner Partie vum öffentlechen Transport, déi also net Bus ass, mä déi den Zuch ass, ganz no bäi hunn.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- D'Schüler mussen awer dohinner kommen, Madame Minister.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- D'Schüler mussen op déi Gare kommen an da mussen si e puer Meter zu Fouss goen. Ech muss soen: Ech fueren all moies duerch déi dote Strooss, fir an d'Stad ze kommen ; et ass e flotte Schläichwee, an do ass d'Verkéierssituatioun net esou abenteuerlech, dass een sech net kéint virstellen, dass do eng Partie Schüler, wou déi eng elo an de Lycée Technique Emile Metz ginn...

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Lauschtert dach emol no an haalt op mat deene private Gespréicher! Et ass dach onerhéiert! D'Madame Ministesch mécht sech d'Méi, fir Är Fro ze beäntwerten, an et ginn da Kosettercher gefouert.

Une voix.- Här President, mir stellen eis eng Rei Froen.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Dir hutt Froe gestallt an d'Ministesch äntwert an Dir féiert Gespréicher mateneen.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Mir schwätze mat der Madame Minister. Mir sinn e richtegt Parlament.

M. le Président.- Neen, Dir schwätzt net mat der Madame Ministesch, Dir féiert Är Privatgespréicher.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, mir stellen hir beispillsweis d'Fro, wa si esou vum Zuch schwätzt, firwat dass d'Jumboskaart dann elo 15 Prozent méi deier muss gemaach ginn. Da soll si dat erklären.

***(Brouhaha général)***

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, mir hunn deemno hei eng Situatioun, wou duerchaus aus der Praxis ervirgeet, dass d'Schüler ganz gutt mam Zuch kënne kommen, well wann déi, déi an déi Privatschoul ginn, déi um Site vun de Frichë funktionéiert, kënne mam Zuch kommen, dann denken ech, dass et och hei méiglech ass en Deel vum Transport iwwert den Zuch ofzewéckelen. Duerfir ass mäin Dilemma net ganz grouss. Ech sinn der Meenung, dass mir hei e Projet stëmmen, dee grad zu dësem Zäitpunkt néideg ass, an deen dofir och esou schnell wéi méiglech gebaut soll ginn.

Da kéim ech op dem Här Fayot seng Fro vun dem Semi-provisoire. Här Fayot, am Fong geholl hu mir dat fréier «préfabriqué» genannt. Dat heescht, dass mir mat fäerdegen Elementer bauen, an dass mir dann de Bau méi séier do stoen hunn. Et gëtt dann och kee Bau, deen technesch eng ausserge-wéinlech Qualitéit opweist, obschonns mir eis beméien iwwerall Qualitéit ze bauen. Mir wäerten hei mat engem Semi-provisoire versichen dat ze maachen, wat mir och zu Dikrech gemaach hunn, wat Satisfaktioun gëtt.

Wann d'Chamber gäre Berouegung hätt, da wier et vläicht gutt, wa se eng Kéier zu Dikrech dat Gebai vun de Préparatoirë géif kucke goen, well da kritt een eng Virstellung dovunner, wéi dat ausgesäit. Mat Ausnahm vum deem, wat déi bleche Fassad ugeet, déi vläicht net grad vu jiddferengem gedeelt gëtt, mä déi awer och pragmatesch ubruecht ginn ass. Dat war e Bau, deen huet net ganz deier kascht. Mir bauen hei e Bau, deen iwwer eng Milliard al Lëtzebuerger Frange kascht, deen also vun der Qualitéit hier ganz sécher sech wäert weise loossen. Mir wëssen awer, dass mir eng Partie méi accéléréiert Prozedure kënne beim Bau uwenden, fir dat och séier do stoen ze hunn.

Dann ass mäi Wonsch deen, dass mir kënnen all deene Schüler, déi an de Container sëtzen um Lampertsbierg, eng besser Situatioun ginn, an dass mir domadder en Deel vum Lampertsbierg degagéiert kréien. Ech mengen - dat däerf een net vergiessen -, dass et do, wat d'Wunnqualitéit ugeet, vläicht och net esou gutt ass, wa mir ëmmer nëmmen nach zousätzlech Schoulinfrastrukture géingen op de Lampertsbierg setzen.

Dat gesot, wäert ech natierlech der Madame Wagener hir Suggestiounen, wat d'Energiepolitik ugeet, unhuelen. Ech kann hir soen, dass si sech op der ganzer Linn duerchgesat huet an dofir géif ech och mengen, dass déi Motioun eigentlech iwwerflëssig ass, Madame Wagener, well all déi Saachen do schonn an d'Weeër geleet gi sinn.

***(Interruptions diverses)***

Dir kënnt op jidde Fall d'Satisfaktioun mat heemhuelen, dass Dir lech op der ganzer Linn duerchgesat hutt, an dass Dir och de Leit vun de Bâtiments publics mat Iwwerzeegung Är Suerg no bruecht hutt, a mir wäerten där och nolauschteren.

Dat gesot, e lescht Wuert - d'Madame Brasseur hëlt och nach Stellung, well si mat den Zuelen den Deputéierten nach zousätzlech Informatioune gëtt -: Mir hunn eis eens gesat, fir e Plan sectoriel ze verabschieden. Mir wäerten deen den zoustännege Chamberkommissiounen deemnächst virstellen. Am Kader vun deem Plan sectoriel hu mir och d'Standardisatioun virgesinn. Mir hunn eis do Moyene ginn, fir dräi Lycéeën direkt mateneen ze plangen, soudass mir zumindest, wat d'Planungsphas ugeet vun der Erstellung vun den architektonesche Programmen, vill méi séier kënne virukommen.

Dir Dammen an Dir Hären, sidd net an der Suerg, dass an den nächste Jore keng Schoule méi gebaut ginn! Ech mengen, de Contraire ass wouer. Merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Erzéiungsministesch, d'Madame Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll hei enger ganzer Rei Leit merci soen, ugefaange beim Rapporteur, dem Här Willy Bourg. Ech wëll mech deene Wënsch vu Besserung, déi vun de Virriedner ausgesprach gi sinn, uschléissen. Ech weess, dass den Här Bourg als Rapporteur drop gehalen huet, dass dëse Projet esou séier wéi méiglech hei ofgestëmmt gi soll. Ech wëll och dem Här Loes merci soen, dass hien de Rapport am Numm vum Här Bourg hei gemaach huet. E grousse Merci geet un d'Bautekommissioun.

E weidere grousse Merci geet awer och un d'Stad Lëtzebuerg, mat där et an dësem Dossier ganz einfach war ze verhandelen, well d'Stad Lëtzebuerg gesot huet, si wéilt hir Réserves foncières, an esou vill Réserves foncières ginn et net méi an der Stad, net opginn, an dofir d'accord war, fir e Bail ze maachen op länger Zäit. D'Stad Lëtzebuerg bleift also Propriétaire vum Terrain, mä mir kënnen awer elo a kuerzen Délaien eng Schoul op deem Site opriichten.

Ech wëll och merci soe fir déi gutt Kollaboratioun, déi mir mat den Travaux publics a mat der Administratioun vun de Bâtiments publics haten, fir dëse Projet a kierzester Zäit op den Instanzewee ze bréngen. Et huet just ee Joer gedauert vun der Terrainsfro, der Konzeptioun, der Elaboratioun vum Programm bis elo hei zum Vote. Et kann ee sech just wënschen, an d'Madame Hennicot géif sech och doriwwer freeën, wa mir an aneren Dossieren ähnlech gutt virukéimen, wéi dat hei de Fall ass.

Jo, et ass wouer, dass mir heimat net all d'Problemer geléist hunn, mä mir hu wierklech en urgentë Besoin an et wär de Wonsch vu jiddferengem gewiescht, mengen ech, wann déi Problemer schonn éischter hätte kënne geléist ginn. Et soll een awer der Zäit net nokräischen. Mir hunn elo haut, an haut kënne mir awer eng Léisung proposéieren, déi d'Méiglechkeet gëtt, déi Schüler do a ganz uerdentleche Konditiounen ënnerzebréngen.

D'Madame Hennicot huet et elo grad schonn ugedeit: Mir hunn e Bau, deen eng ähnlech Konzeptioun huet, an deen zu Dikrech opgeriicht ginn ass. D'lescht Joer am November hate mir déi öffentlech Presentatioun dovun. Du war déi ganz Chamber invitéiert oder op d'mannst d'Bautekommissioun an d'Educatiounskommissioun. Ech bedauere just, Här President, dass just een Deputéierte do derbäi war, an dat war den Här Loes.

Hien huet dovu Gebrauch gemaach a konnt sech dann iwwerzeegen, zesumme mat der Press a mat de Schoulleit, wéi funktionell dat Gebai bannendran ass, wéi flott et ass, a wéi d'Schoulleit och dat Gebai appréciéieren. Dat Gebai ass an der Rekordzäit vun engem Joer opgeriicht ginn op deem dote Site. Dat war e Gebai, wat vun der virechter Regierung virgesi war, fir zu Ettelbréck opgeriicht ze ginn. Leider huet d'Gemeng Ettelbréck dunn awer d'Baugenehmegung refuséiert an d'Gemeng Dikrech war esou gentil, ganz kuerzfristeg eng Baugenehmegung zu Dikrech ze ginn, soudass d'Annexe vum Lycée technique vun Ettelbréck fir de Préparatoire hannert dem Lycée classique vun Dikrech opgeriicht ginn ass. An dat ass eng Kollaboratioun, déi och ganz gutt fonctionnéiert.

Da wëll ech bei deene Mercien och all Intervenant hei aschléissen. Natierlech ginn et eng Partie Froen. Eng Fro, déi gestallt ginn ass, ass déi, wéi vill Schüler et am Moment wären. Am Moment, Här President, sinn et 821 Schüler, déi an den Annexë vum Lycée Technique du Centre ënnerbruecht sinn, an zwar sinn dat der hannert dem IST eemol 127 an eemol 193. Da sinn et der an der Rue des Maraîchers an der Primärschoul vun der Stad Lëtzebuerg - déi Kohabitation besteet also mat deene Kanner mat der Primärschoul; do si se an engem Gebai – 124, an an der Avenue Pasteur um Lampertsbierg sinn am Moment 377 Schüler. Déi sinn a wierklech deenen denkbar schlechtste Konditiounen ënnerbruecht, an et ass ganz richteg: Déi Kanner do hu keng Lobby, soss wier scho laang do op d'Tromm geschloe ginn. An ech si frou, datt mer elo eng Léisung fannen, wéi déi besser kënnen ënner Daach kommen.

D'Proximitéit vun der Primärschoul ass ugeschwat ginn, an zu Recht huet d'Madame Hennicot gesot, datt zu Miersch et iwwerhaapt kee Problem duerstellt. Do sinn d'Primärschoul an de Postprimaire op engem Site. Zu Iechternach hu mer d'Primärschoul an de Postprimaire op engem Site. Zu Gréiwemaacher hu mer d'Primärschoul an de Postprimaire beieneen, an et ginn och Privatschoulen, déi all Ordre d'enseignement hunn. Dat ass zum Beispill d'Waldorfschoul oder d'Sainte-Sophie. Aner Beispiller gëtt et nach, an do ass a sech kee Problem.

Datt den Terrain ze kleng ass, dat ass richteg. Fir eng ganz Schoul ze bauen, brauch ee fënnef Hektar. Wou awer fanne mer zesumme fënnef Hektar, déi direkt disponibel sinn, wou kee Problem ass, hei an der Stad Lëtzebuerg? Et ass einfach ze kritiséieren, an ech wier nawell frou gewiescht, wann den Här Greisen eng konkret Propositioun gemaach hätt, wou een direkt hätt kënne mat deenen Aarbechten ufänken.

Den Terrain ass och ze kleng fir eng Sportsinfrastruktur opzeriichten. Och dat ass wouer, an dat kann ee bedaueren, mä ech wëll awer der Madame Wagener soen, de Parking, deen ass ënnerierdesch, deen huet wierklech eng minimal Héicht. Do kann ee kee Sport dra maachen. Dat eegent sech net fir eng Sportsinfrastruktur. Et muss een eng Héicht vu mindestens siwe Meter hunn, an do ginn et Normen. Et kann een also net soen: Verzicht op de Parking a maacht doraus eng Sportshal! Dat geet net.

Wat d'Sportsinfrastrukturen ubelaangt, do muss ee soen, datt d'Kanner och am Moment keng Sportsinfrastruktur zur Verfügung hunn, a mussen transportéiert ginn. Mir all hätten ons gewënscht, wa mer dat och nach hätte kënnen do realiséieren, mä hei hunn d'Klasseraim an d'Annexen, d'Ateliere Virrecht, an dat gëtt awer domat geléist.

Da gëtt sech beklot, datt d'Kantin net grouss genuch ass. Ma d'Kanner iessen net all mateneen. Do gi gewëssen Normen applizéiert, déi och an anere Schoulen applizéiert ginn, an dat fonctionnéiert. Soss misst beispillsweis um Campus Geesseknäppchen eng riseg Kantin sinn. Dat sinn awer Erfahrungswäerter, déi fonctionnéieren.

Et ass vun der Autobusgare geschwat ginn. Ech mengen, et misst de Kanner zouzemudde sinn, e puer Meter zu Fouss ze goen, fir an hir Schoul ze kommen. Mir bekloen ons soss, datt sech net méi genuch beweegt gëtt. Hei kënne se zu Fouss goen. Wat de Fousswee bis op d'Gare ubelaangt, sou geet een duerch d'Duerf Dummeldeng an da muss een net laanscht déi Haaptstrooss goe vun de Krommelängten. Et kann een also duerch d'Duerf Dummeldeng goen, an da kënnt een ouni Schwieregkeeten op d'Dummeldenger Gare.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- De Problem ass net, fir zu Fouss ze goen. De Problem ass, wann d'Busse laanscht den Trottoir all hannerenee stinn. Dat gëtt en decke Koup, an dat ass geféierlech. Dat gesi mer op anere Plazen.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Mä et ass awer ganz richteg, datt mer och d'Autobusgare an den Zuch nobäi hunn, an datt och eng ganz Partie Kanner kënne mam Zuch transportéiert ginn. An dat war och d'Iwwerleeung, déi mat der Stad Lëtzebuerg geféiert ginn ass, fir deen do Site erauszesichen.

Et ass och gesot ginn, et däerft ee keng Megalycéeë bauen. Där Meenung si mer och an der Regierung, an dofir wäert am Plan sectoriel „lycées“ och e Maximum fixéiert gi vu Kanner, déi sollen an engem Lycée sinn. Zu Esch woren et mat 2.500 Elèven zevill Kanner. Dofir hu mer dat jo an zwee gedeelt. Dat sinn elo zwou getrennten Entitéiten, déi fonctionnéieren. An hei um Stadgebitt mam Lycée Technique du Centre muss een där Iwwerleeungen, menger Meenung no, och maachen; dat wor awer net méiglech, esoulaang se esou verspreet woren iwwert de ganze Stadterritoire.

Dann ass geschwat gi vun der Gréisst vun de Klassesäll. 25 Kanner wieren zevill. Déi ginn do dran. Et ass awer net esou, datt am Préparatoire 25 Kanner an engem Klassesall sinn. D'Moyenne nationale läit bei 15 Schüler pro Klass. Déi Kanner gi modulär ënnerriicht, esou datt eng Partie an engem Atelier ass, eng aner Partie ass an engem anere Module. Déi sinn also als Klasseverband net zesummen, wat awer och e Schwaachpunkt ass vun deem System, besonnesch fir déi Kanner, déi déi gréisste Schwieregkeeten hunn, well déi brauchen eng Referenzpersoun, a si brauchen e Klasseverband. Och där Klassen hu mer entre-temps op verschiddene Plaze gemaach. Mä et ass selbstverständlech, datt hei net dru geduecht ass, 25 Schüler pro Klass am Préparatoire opzehuelen. Dat ass eng theoretesch Kapazitéit.

Wat d'Kapazitéit ubelaangt, esou hunn ech virdru gesot, wivill Kanner mer op all deene Siten hunn. Et sinn der am Ganzen 821. Ech wëll awer drun erënneren, wann de Mamer Lycée seng Dieren opmécht am September 2003, datt dann eng Partie Kanner, well dann d'geographesch Repartitioun anescht gemaach gëtt - a contrairement zu de Lycéeën a Lycées techniques, wou et keng Carte scolaire gëtt, gëtt et am Préparatoire jo eng Carte scolaire -, an de Lycée technique op Mamer wäerte goen, esou datt déi Zuel hei awer deementspriechend net wäert zouhuelen.

Selbstverständlech sinn awer verschidde Kanner, déi heihinner musse goen, well mer hei och Klassen hunn, mat engem Régime linguistique particulier, an dat kënne mer natierlech net an all Lycée bidden, well d'Zuel vun de Schüler dat net ausweist.

Dat sinn déi puer Observatiounen, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, déi ech wollt maachen zu dësem Projet, wou ech mech freeën, datt en awer eng breet Zoustëmmung hei an der Chamber fënnt. Et ass och an dësem Zesummenhank vum Tronc commun geschwat ginn. Fir datt kee Malentendu opkënnt: D'Regierung ass net fir en Tronc commun. Dat ass eng ganz kloer Ausso, déi se mécht, an et kann een net PISA bei alles huelen, an dann eng Solutioun aus dem Ausland importéieren a mengen, domat wieren d'Problemer all geléist. Dat huet op jiddfer Fall näischt mat dësem Projet ze dinn, mä vu datt et hei évoquéiert ginn ass, kënnt een hei en extrae Modell vu Pedagogie entwéckelen. Dat ass net esou geduecht. Et ass och keen Experimentéierfeld, wat hei soll gemaach ginn. Et ass en uerdentleche Bau, dee mer a kierzester Zäit kënne realiséieren.

A ganz zum Schluss wëll ech de Schüler eng gutt Scolaritéit wënschen, an dem Personnel enseignant, dat op all deene Plazen elo während deene Jore Schoul gehalen huet ënner schwieregste Bedingungen, e ganz grousse Merci soen, well et ass dank hirem Asaz, datt deen Enseignement awer esou gutt konnt organiséiert ginn, a si si bestëmmt déi, déi sech matfreeën, wann dëse Projet votéiert an och ëmgesat gëtt.

Ech soen lech villmools merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5031 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 59 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Marco Schank), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach.*

*MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

***Motion***

Mir hunn nach eng Motioun hei leie vun deene grénge Kolleegen. D'Motioun ass verdeelt ginn an Dir hutt se textuell virleien. Freet een d'Wuert? Den Här Mehlen freet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, déi Motioun ass mer ganz sympathesch. Et ass just am leschten Tiret, wou déi Gréng froen: „A charger un bureau d'études avec l'élaboration de normes indicatives pour les différents types de bâtiments", dat stéiert mech. Et soll een de Ministère opfuerderen, fir déi Normen ze presentéieren. Wéi ee sech dofir uleet, dat soll een der Regierung iwwerloossen. Ech fannen et komesch, datt d'Chamber soll d'Regierung opfuerderen, fir engem Bureau d'études eng Aufgab ze iwwerdroen. Dat ass d'Missioun vun der Regierung. Ech sinn der Meenung, et gëtt esouvill international Normen a Referenzen, datt och eng Regierung misst an der Lag sinn, dat ze maachen, ouni datt se e Bureau d'études muss domat chargéieren.

M. le Président.- D'Madame Renée Wagener freet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, mir hu kee Problem fir déi dote Propos unzehuelen.

M. le Président.- Mir stëmmen also of iwwert déi Motioun. Et ass ee Vote par main levée.

***Vote***

Wien ass fir déi Motioun?

Wien ass dergéint?

Jo, also d'Majoritéit, déi ass dergéint. Da wier domadder d'Motioun ofgelehnt.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5007 iwwert d'Services postaux.

Et sinn ageschriwwen: den Här Fayot, d'Madame Beissel an den Här Greisen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf.

## 2. 5007 – Projet de loi portant modification de la loi du 15 décembre 2000 sur les services postaux et les services financiers postaux

***Rapport de la Commission des Media et des Communications***

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei ee gudde Projet de loi, dee méi wéi en Iwwerganksprojet ass. En ass koherent, et ass en Instrument dat alles regelt an dem natierleche Wuesstum vun eiser Post Rechnung dréit.

Dat war eng vun de Konklusiounen, déi ech gezunn hat am Joer 2000, den 30. November hei an der Chamber. De 15. Dezember, wann ech kucken, wéi dee Projet de loi hei iwwert d'Bühn gaangen ass, da muss ech soen, da wäerte mer eis wahrscheinlech an esou enger Logik bewegen. Well d'Tatsaach ass, dass dëse Projet den 12. August 2002 déposéiert ginn ass. An haut, den 12. Dezember also, just 4 Méint hannendrun, kënne mer dann dëse Projet hei stëmmen. D'Avise sinn och ganz séier komm. Déi meescht waren am Mount September do, déi vun der Chambre des Fonctionnaires, d'Employés privés, d'Chambre de Commerce an d'Chambre de Travail. An och de 25. November ass de Rapporteur genannt ginn, an de 26. November huet de Statsrot säin Avis ginn.

Den Objet also vun dësem Projet ass jo, déi Direktiv 2002/39/CE vum Europaparlament ëmzesetzen, déi am Conseil den 10. Juni 2002 geholl ginn ass. Mir ginn hei vun enger Direktiv aus, déi an deem Gesetz vum 15. Dezember 2000 ëmgesat ginn ass, d'Direktiv 97/67/CE, wou et drëm geet de Bannemaart hei an Europa iergendwéi ze reglementéieren, an zwar am Postsecteur. Hei soll dee berühmte Service universel kommen, wou mer am Joer 2000 vill Diskussiounen driwwer haten.

Wat ass dat iwwerhaapt, dee Service universel? Dee Service universel, do geet et ëm d'Ophiewen, den Transport, den Tri an d'Verdeele vun der Inlandskorrespondenz, ob se accéléréiert ass oder net. Hei musse verschidde Critèrë bestoe bleiwen. Fir d'éischt den typesche Bréifdréier wéi mer e kennen, dee bleift weider an eise Stroossen, dee gesi mer weider. Dat heescht d'Proximitéit gëtt och gehalen. Et brauch een also net wäit ze goe fir an d'Bréifboîte. D'Universalitéit muss also geographesch sinn, am ganze Land musse Bréifboîten opgestallt ginn a muss d'Post verdeelt ginn. Hei spillt déi sougenannte Péréquation tarifaire. Dann hu mer och de Prinzip vun der Upassung, oder vun Adaptatioun, deen deen ass, dass déi technesch Entwécklung, déi et an deem Beräich gëtt, och muss afléissen. Dat sinn also d'Elementer vun esou engem Service universel.

A wat och ganz wichteg ass: Deen eenzelne Bierger muss informéiert ginn eemol d'Joer an dësem Service universel. Dat geschitt dann och esou. An oft ginn och d'Timbere mat an dëse Service universel abezunn. D'Timberen ass awer, fir déi an den Ëmlaf ze bréngen, eng aner Konzessioun, déi do spillt.

Gutt, mir hunn also elo d'Direktiv 97/67/CE. Déi ass jo dann ëmgesat ginn an déi 2002/39/CE, an do si fir d'éischt Propositioune komm vun der europäescher Kommissioun. Do sinn Etüde realiséiert ginn an de Jore '96 bis '99. Do sinn da Propositions de directives gemaach ginn. Do ass gemengt ginn, 20% missten, en moyenne vun de Revenuë vun deenen eenzele Posten an de Länner, am Fong geholl opgemaach ginn, an et misst dann eng Fourchette festgeluegt gi vun 350 Gramm op fënnef mol de Basistarif. De Basistarif vun engem Bréif war fréier 18 Frang, haut sinn dat 45 Cent. Fënnef mol, dat sinn 90 Frang. Dat heescht also, all Courrier, dee méi deier ass wéi 90 Frang, respektiv méi wéi 350 Gramm weit, ass net méi reservéiert. Do kënnen och aner Leit sech dorëm këmmeren, loosse mer emol esou soen. Dat ass jo och geschitt am Joer 2000. Elo ginn déi Wäerter erofgesat.

Déi nächst Etapp ass also déi, fir dës Wäerter erofzesetzen. An dann hate si gemengt – deemools, d'Kommissioun, an de Joren '96, '97, '98, '99 - et misst am Joer 2007 eng weider Öffnung kommen. D'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung awer, besonnesch och da vun de Postministeren, war do ganz strikt, an d'Lëtzebuerger hunn sech am Conseil des Ministres vun de Postministeren, ënnert de Presidenze vun de Fransousen, de Schweden an de Belsch, op véier Punkten do festgeneelt, géif ech bal soen. Éischtens sollten déi reservéiert Servicer op engem Niveau sinn, dass den universelle Service eng héich Qualitéit behält. Zweetens sollt et esou sinn, dass de Publipostage an déi Bréiwer, déi iwwert d'Grenzen erausginn, déi „transfrontaliers", déi sollte reservéiert bleiwen, a besonnesch jo fir Lëtzebuerg, well mir eng spezifesch Situatioun hei hunn. Dat ass och als Conditio sine qua non dohinner gestallt ginn. Deen drëtte Punkt, dat war deen, fir ee Kalenner opzestellen, dee raisonnabel ass, deen et eiser Post erméiglecht, sech dësen neien Donnéeën ze adaptéieren. An dee véierten - och ee ganz wichtege Punkt -, dass déi ganz Mechanismen net däerfen automatesch kommen, mä hei muss ganz kloer d'Prozedur vun der Co-décisioun spillen.

Well mer déi Garantie kritt hunn, konnte mer eis dunn drunhänken. Déi Garantië si gefall de 6. Dezember 2001 am Conseil des Ministres an der Présidence belge, wou mer do da Recht kritt hunn op eng gewëssen Aart a Weis. Mir hu gesot kritt: Dir kënnt effektiv de Courrier transfrontalier an de Publipostage reservéieren, wann dat noutwenneg ass, fir am Fong geholl Ären universelle Service um Liewen ze halen. Anescht musst Der awer d'Konkurrenz opmaachen.

Do sinn dann Échéancë festgeluegt ginn. 2003 gi mer vun deenen 350 Gramm op 100 Gramm erof. Vum Präis gi mer vu 5 Mol de Basispräis op 3 Mol de Basispräis erof. Am Joer 2006 kënnt eng nächst Etapp. Do sinn et nëmme méi Bréiwer bis 50 Gramm, déi reservéiert sinn an den Tarif ass nëmme méi dee vun 2,5 Mol 45 Cent an dësem Fall, oder, wéi et virdu war, 18 Frang. Wat och dann eben nei ass ass, dass vun 2003 un - an dat ass jo elo dat wat den 1. Januar antrëtt - de Courrier transfrontalier och misst net méi reservéiert sinn, mä do si Länner déi dat däerfen. A mir Lëtzebuerger, mir däerfen dat jo. D'Europaparlament huet och an dësem Kontext drop gehalen, dass hei solle Kontrolle gemaach ginn an de Marché sollt évalueiert ginn, an et sollte regelméisseg Rapporte gemaach gi fir ze kucken, wéi déi Direktiv applizéiert gëtt.

Mir hunn also hei zu Lëtzebuerg, elo vum 1. Januar un, nëmme méi e reservéierte Service bis 100 Gramm, de Präis dräimol, hat ech lech gesot, vun engem Standardbréif. Zweetens, de Courrier transfrontalier, deen iwwert d'Grenzen erausgeet - et ass deen, deen zielt - kënne mer nach weider halen, well deen am Fong geholl eis d'Méiglechkeet gëtt, de Service universel, well mer e klengt Land sinn, ze assuréieren. 2006, hat ech lech jo gesot, gëtt et 50 Gramm an 2,5 Mol den Tarif vun engem Standardbréif.

Déi Dispositiounen, déi nach an där aler Direktiv stoungen, sinn natierlech nach alleguerte rechtskräfteg. D'Direktiv 2002 ass en vigueur, se muss also ëmgesat si bis den 31. Dezember 2002. Se ass a Kraaft getrueden de 5. Juli 2002. Mir zu Lëtzebuerg sinn an enger spezifescher Situatioun, ech hat lech et jo gesot. Et ass drëm gaange fir 20% en moyenne vun de Revenuë vun de Poste fräizemaachen. A Lëtzebuerg waren et mat där éischter Etapp schonn 18%. Elo komme mer mat der zweeter Etapp vun 2003 schonn op 42% vum Chiffre d'affaires vun der Lëtzebuerger Post, déi scho fräigemaach ginn. Am Joer 2006 sinn et 48%.

Dat beweist also, dass déi Situatioun ganz spezifesch ass fir Lëtzebuerg. Och d'Avise vun de Chambres professionnelles si ganz verschidden. D'Employés privés an d'Fonctionnaires an Employés publics ginn net ganz vill Observatiounen, während d'Handelskammer an och d'Aarbechterkammer vill méi Diskussioune féieren.

Déi eng, d'Chambre de Travail, ass géint d'Öffnung vum Maart. Si sinn net d'accord. Si soen hei géif Lobbyismus vu Bréissel spillen. Si stellen zwar fest, dass d'Marge de manoeuvre vu Lëtzebuerg kleng war, dass dat awer eng gutt Saach war, dass mer konnte Servicer reservéieren, fir déi Post déi iwwert d'Grenzen erausgeet a fir de Publipostage, mä si fannen awer, dass am Fong geholl déi Direktiven net genuch op d'Particularitéite vun den eenzelne Länner aginn. Si hätten och dofir gär, dass systematesch Evaluatioune sollte gemaach ginn am Fong geholl, fir dann ze kucke wéi dee ganze System fonctionnéiert. Well si sinn der Meenung, dass déi natierlech Monopolen, déi entstane sinn, een normale Phenomeen waren an dass et net gutt ass, wann een ze vill kommerziell Logik an dat Ganzt erabréngt. Si mengen, do géife mer eng Segmentéierung kréien an dofir hätte si gären, dass een d'Konsequenze vun der Liberaliséierung an dësem Beräich soll analyséieren, besonnesch och wat de Präis ugeet, an d'Qualitéit vum Service, an och wat d'Aarbechtsplazen, d'Zuel vun den Aarbechtsplazen an d'Qualitéit vun den Aarbechtsplazen ugeet. Eis Chambre de Travail wëllt also keng weider Liberaliséierung vun dësen öffentleche Servicer.

D'Chambre de Commerce ass just de Contraire. Si insistéieren drop, dass een nach méi wäit soll goen an der Liberaliséierung. Si soen, dat wär gutt fir den Essor économique, fir d'Ekonomie ze förderen. Si soen d'Experienz hätt gewisen, datt d'Präisser géife méi interessant ginn duerch Konkurrenz. Si stelle souguer fest, dass d'Post verschidde Réductioune mécht, déi differenzéiert sinn, ob elo déi Servicer am Monopol sinn oder net, an dass do eng Präispolitik gemaach gëtt, déi eventuell d'kommerziell Loyalitéit géif a Fro stellen. De Monopol vun der Post soll op ee Minimum reduzéiert ginn, ass hir Meenung, fir d'Effizienz an d'Rentabilitéit ze steigeren. D'Konkurrenz muss natierlech esou modeléiert ginn, dass d'Post ka weiderbestoen, mä de Privatsecteur muss och kënnen hei ee Wuert matschwätzen. Si stellen och d'Fro, ob net esouguer och déi aner Posten, déi aner öffentlech Poste vun den Nopeschlänner en Effet op dat Ganzt hätten.

Si mengen och d'Struktur vum Personal wär ze rigide bei der Post, a fir do an eng Dynamiséierung ze kommen, misst een aner Weeër goen. Si stelle fest, dass d'Post am Fong geholl ee Bilan d'Joer mécht fir hir Services postaux, fir hir Finanzservicen a fir d'Telekommunikatiounsservicen. Si hätte léiwer, dat géife séparéiert Bilane ginn, fir eng besser Asiicht ze kréien, awéifern d'Ouverture vum Marché stattfënnt oder net stattfënnt.

Da stelle se Froe mam Publipostage, wou se am léifsten hätten, dat géif och privat ofgehandelt ginn. Wat elo d'Subventions croisées ugeet, déi am Artikel 5 stinn, hätten se gären, dass am Fong geholl zu Lëtzebuerg dat ganz restriktiv behandelt gëtt. De Statsrot geet net an op d'Opportunitéit, ob esou e Monopol gutt oder schlecht ass. Hie seet just, dass wann eng Charge de la preuve misst sinn, da misst d'Post déi weisen, fir ze beweisen, dass et noutwenneg ass, dass een esou Monopolen nach hält. Am Kader vum Avis vum Statsrot kann een nach soen, dass am Fong geholl d'Post soll vun dem Maximum vu Servicer, dee mir hir reservéieren, profitéieren, fir sech ze preparéieren op d'Joer 2009, wann déi ganz Mäert opginn.

Ech wollt da just kuerz op déi Artikelen agoen, wou Observatioune ware vum Statsrot. Dat ass den Artikel 2, wou et drëm geet, am Kader vun de Reklamatiounen eng Ausweitung op all d'Opérateuren, déi am universelle Postservice aktiv sinn, ze maachen. Dat hätt een och kënne maache fir Servicer, déi net universell sinn. Dorop huet de Législateur awer net zréckgegraff. Do bleiwe mir an enger Logik, un déi d'Kommissioun sech dann och ralliéiert huet.

Den Artikel 3 ass am Fong geholl d'Häerzstéck vun deem Ganzen. Do gi jo déi Wäerter festgeluegt, déi zwou Etappe vun 2003 an 2006. Do geet et am Fong geholl och drëm, fir de Präis an d'Gewiicht ofzeweien. An der aler Logik vum Gesetz vun 2000 ass fir d'éischt de Präis komm, an dann d'Gewiicht. Et gëtt awer elo gemengt, et wär méi logesch, d'Gewiicht ze kucken an dann ze kucken ob de Präis dee richtegen ass.

Beim Artikel 6 ass eng Ännerung. Do ass éischtens emol eng Erreur matérielle gewiescht; dofir hat Dir och op Ärem Dësch en neit Document parlementaire, e Corrigendum, leien, well bei deem Artikel ass e klenge Feeler ënnerlaf. Do hate mir geschriwwen de Paragraph „h", an et ass de Paragraph „m". Datselwecht ass beim Artikel 7.

Wat den Artikel 6 ugeet, do huet d'Kommissioun hiren Accord ginn, grad esou wéi fir den Artikel 7, wou awer Diskussioune waren, wat am Fong geholl d'Attributions de la police judiciaire ugeet. Do ass en neien Amendement komm vum Statsrot, den neien Artikel 25bis, soss hätt e sech opposéiert. Do steet och dran, dass déi Leit, déi esou e Pouvoir judiciaire hunn, musse vereedegt sinn. Do hu mir eis ralliéiert als Kommissioun. Dir gesitt also, dass dëse Projet de loi net vill Diskussioune bruecht huet. En huet e grousse Konsensus fonnt, et gouf just zwou Enthalungen.

Ech géif ofschléissen, andeem ech dem Minister, dem Här Biltgen, merci soe fir dëse gudde Projet. Des Weidere géif ech gären dem Här Paul Schuh, dem Vertrieder vum Ministre délégué aux Communications, souwéi der Madame Cocard, eiser Sekretärin, merci soen. Ech wollt an engems dovu profitéieren, fir den Accord vun der CSV ze bréngen.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen.

Den Här Jung freet nach d'Wuert.

M. Ady Jung *(CSV)*.- Här President, ech hunn elo just op mengem Écran festgestallt, dass e Member vun der sozialistescher

Fraktioun, deen net am Sall ass, am perséinlechen Numm ofgestëmmt huet. Datselwecht war och schonn de Moien de Fall, a well et sech dobäi ëm eng Fraude handelt, wou öffentlech Gelder um Spill stinn, bieden ech den Här President, dat iwwerpréifen ze wëllen. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Dat ass dach net méiglech!

***(Interruption)***

M. Ady Jung *(CSV).*- Dir braucht nëmmen nozekucken.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Da sot eis wien.

M. le Président.- Abbee, mir kucken dat no. Den Här Fayot huet d'Wuert.

***(Interruptions)***

Une voix.- Jo, si ass net hei.

M. Ady Jung *(CSV).*- Jo, mä si huet mat «oui» ofgestëmmt.

Une autre voix.- Wéi ka se da mat «oui» ofstëmmen, wa se net hei ass?

***(Hilarité)***

M. Ady Jung *(CSV).*- Da kuckt um Écran no, do steet et ganz däitlech.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Ech proposéieren eng Enquêtëkommissioun.

M. Ady Jung *(CSV).*- Voilà!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech mengen, mir mussen eng Enquête maachen.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, mir si jo fäerdeg domat?

M. le Président.- Den Här Fayot huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, wéi scho vum Rapporteur gesot, hu mir jo an dëser Legislatur schonn eng laang an ausféierlech Diskussioun iwwert d'Liberalisatioun vun de Postservicer hei gehat, an zwar den 30. November 2000. Et war am Zesummenhang mam Gesetz 4524 iwwert d'Postservicer an d'Finanzservicer vun der Post.

An där Debatt huet eis Spriecherin, d'Madame Delvaux, fir eis Fraktioun wichteg Saachen iwwert den ideologeschen Hannergrond vun der Liberalisatioun insgesamt a besonnesch vun der Liberalisatioun vun de Postservicer duergeluecht. Mir ginn dovunner aus, dass d'Post, méi nach wéi d'Telekommunikatiounsservicer, eng wichteg Roll fir d'Kohesioun vun der Gesellschaft spillt. Fir vill Leit ass de Kontakt mam Bréifdréier mat déi eenzeg Beréierung mat enger offizieller Autoritéit. D'Post ass och e strukturéierend Element fir en Territoire, besonnesch a manner besiedelte Gebidder. Dass d'Postservicer mat der Zäit besser gi sinn, verdanke mir awer och enger gewësser Konkurrenz, dat soll een net leugnen, déi zu enger besserer Produktivitéit gefouert huet.

Vis-à-vis vun der Öffnung fir d'Konkurrenz steet de Prinzip vum Service universel. Ech gesinn de Service universel perséinlech net - ech hunn dat ni gemaach - als e Minimaldéngscht, mä als en zolitte Service public. E muss iwwert de ganzen Territoire assuréiert ginn. Hien däerf och vu kengem ze wäit ewech sinn. Hie muss jiddferengem zu engem abordable Präis zur Verfügung stoen. Hie muss iwwerall um Territoire deeselwechte sinn, an hie muss modern an effikass sinn. Dat heescht, dass e Bréif net egal wéi laang op der Rees däerf sinn.

An deem Zesummenhang wëll ech soen, dass d'Europäesch Unioun oft accuséiert gëtt vu gewësse Kreesser vun Euroskepticker a Feinde vun der Europäescher Unioun, alles wëllen ze liberaliséieren an ze privatiséieren, fir d'öffentlech Déngschter an déi öffentlech Entreprisë wëllen ze zerstéieren. Ech gesinn awer an de Considérantë vun der Direktiv 2002/39/CE, déi mir elo hei transposéieren, dass do ganz staark op déi Aspekter gepocht gëtt.

Ech zitéieren der e puer. Et gëtt éischtens emol drop gepocht, dass eng Garantie durable vun der Prestation de service universel besteet. Et gëtt och op den Artikel 16 vum Traité vun der europäescher Gemeinschaft higewisen, andeem déi wichteg Plaz vun de Services d'intérêt économique général ënnerstrach gëtt, als ee vun deene gemeinsame Wäerter vun der Europäescher Unioun. Dat gëtt ze wéineg bëuecht, menger Ansicht no. Et geet och drëm, fir déi sozial an territorial Kohesioun vun de Mitgliedslänner ze förderen. Et gëtt och op Motiounen a Resolutioune vum Europaparlament higewisen. Där ginn et der eng ganz Partie. Ech hunn der selwer mat gestëmmt 1999/2000 iwwert d'Importenz vun de Servicer an de Wonsch no Service universel de haute qualité. Et gëtt op déi sozial Missiounen nom Artikel zwee vum Traité vun der Europäescher Unioun higewisen, déi mat dem Service public zesummenhänken.

Et gëtt also eng ganz Partie Wäerter a méi ideologesch Elementer, déi drop hiweisen, dass d'Europäesch Unioun net elo mordicus ass, fir öffentlech Déngschter an öffentlech Entreprisë futti ze maachen, an duerch privat Servicer ze ersetzen. Ech wëll dat hei wierklech mat aller Däitlechkeet gesot hunn. Et geet also engersäits wuel ëm eng gewësse Liberalisatioun, op där anerer Säit awer geet et drëm, fir e Service universel, en öffentlechen Déngscht an dësem Secteur ze erhalen.

D'Gesetz vum 15. Dezember 2000, wat jo déi viregt Direktiv vun 1997 transposéiert huet, huet nach eng Kéier - dorunner wëll ech erënneren - déi Exigenzen alleguerte vis-à-vis vum Postbedreiwer festgeluegt. Fir dat vis-à-vis vun der öffentlecher Entreprise vun de P&T ze kontrolléieren, hu mir e Régulateur agesat.

Här President, d'Lëtzebuerger Post huet sech an deene leschte Joren an hirer Strategie gutt un déi verännert Konditioune vun der Zäit ugepasst. D'Kommunikatioun ënnert de Leit huet sech natierlech vill geännert par rapport zu fréier. Ech brauch net méi dorobber zréckzekommen, dass manner Bréiwer, duerfir awer méi SMSen a méi Maile geschriwwe ginn, an dass méi telefonéiert gëtt. Ech mengen, d'öffentlech Entreprise ass wuel capabel, fir sech un dee gewandelte Maart unzepassen. Dat geet eis an der Politik näischt un. Dofir hu mir jo eng öffentlech Entreprise gemaach, déi eng kommerziell a strategesch Onofhängegkeet huet.

Glécklecherweis, wëll ech allerdéngs soen, gëtt net méi vun der Opspléckung vun der Entreprise vun de P&T geschwat, wéi dat een Ableck no der Regierungserklärung vum 12. August 1999 ze erwaarde war. Ech erënnere mech un eng Ausso vum Statsminister deemools, ech zitéieren: "Mir engagéieren eng Reflexioun iwwert d'Opportunitéit" - hie war ganz virsiichteg deemools, dat muss een zwar scho soen - "vun der Opdeelung vun der Post- an der Telekommunikatiounsaktivitéit an zwou getrennte Gesellschaften." Dovunner geet elo keng Rieds méi. Dat ass och gutt esou.

D'Entreprise vun de P&T, déi et elo gëtt, ass menger Ansicht no staark genuch, fir sech um Maart ze behaapten, a mat deene gëeegnete Partner sech weider ze entwëckelen.

Här President, ech ka mech nach gutt erënneren, wéi déi Debatt iwwert d'Postservicer am Europaparlament Mëtt den 90er Joren ugefaangen huet. Fir d'éischt ware jo d'Telekommunikatiounsservicer liberaliséiert ginn, well och do de gréissten technologesche Fortschrëtt ze verzeechne war, och déi gréisste Pressioun vun den Utilisateuren, fir schnell an effikass ze moderniséieren.

Bei der Post war et vun Ufank u kloer, dass ee sollt méi lues a méi virsichteg virgoen, aus enger Partie vun deenen Ursaachen, déi ech schonn duergeluegt hunn, mä bei der Post gouf et och scho vun Ufank un ëmmer grouss Ënnerscheeder ënnert de Memberlänner. Et gouf Länner wéi Holland oder Schweden, déi hir Post scho privatiséiert a liberaliséiert haten, an déi Interesse un engem méiglechst groussen, fräie Bannemaart och op deem Secteur haten, an et gouf der, déi staark um Service public gehalen hunn, wéi zum Beispill Frankräich, mä och Lëtzebuerg. An op jidde Fall war et vun Ufank u kloer, dass an deem Secteur do et méi schwéier wär, an och et méi laang géif daueren, fir ee Kompromëss ze fannen ënnert de Memberlänner. Et hat een allerdéngs d'Impressioun, wéi déi éischt Liberalisatioun vun der Kommissioun duerchgesat gi war, dass et elo misst accéléréiert ginn. Ech erënneren drun, dass, wéi mer déi éischt Liberalisatioun de 15. Dezember 2000 hei transposéiert haten, déi Direktiv vun 1997, dass schonn déi zweet deemools um Dësch louch.

Déi Direktiv, déi mer elo ze transposéieren hunn, an déi jo den 1. Januar 2003 soll en vigueur trieden, berout op engem Kompromëss, deen am Ministerrot de 5. Dezember 2001 fonnt ginn ass, an dee Kompromëss huet Lëtzebuerg matgemaach, no den Aussoe vum Minister, well déi Direktiv d'Memberlänner autoriséiert fir de Service réservé am Courrier transfrontalier an am Publipostage ze erhalen, esouwäit wéi dat néideg ass, fir d'Prestations du service universel ze assuréieren.

Déi Direktiv allerdéngs, an dat ass de wesentlechen, de sprëngende Punkt, décidéiert eigentlech schonn zwou weider Etappe vu Liberalisatioun. Déi éischt vum 1. Januar 2003 fixéiert d'Gewiicht op 100 Gramm an de Präis op dräimol den Tarif. A vum 1. Januar 2006 u geet et erof op 50 Gramm an de Präis op 2,5 Mol de Präis. An eng drëtt Etapp soll 2009 dann hannendru kommen.

Allerdéngs, dat muss een och soen, virun der drëtter Etapp soll d'Kommissioun, ech zitéieren: „Devra présenter avant le 31 décembre 2006 un rapport au Parlement européen et au Conseil, assorti d'une proposition confirmant le cas échéant la date de 2009 pour l'achèvement du marché intérieur". Dat ass also eng Obligatioun fir d'Kommissioun. Et ass allerdéngs net fir d'éischt, wou d'Kommissioun e Rapport gefrot kritt a se kee presentéiert huet.

De Projet de loi transposéiert also dës Direktiv. Mir halen also de Service réservé, also de Monopol vun der Post, fir de Courrier transfrontalier an de Publipostage, mat deene Limitatioune vu Gewiicht a Präis, déi ech uginn hunn. De Rapporteur, hu mer gelies a sengem ausféierlechen, exzellente Rapport, approuvéiert natierlech d'Haltung vun der Lëtzebuerger Regierung bei der Négociatioun, an en erënnert do un déi véier Exigenze vun der Lëtzebuerger Delegatioun.

Et war éischtens, dass de Service réservé op engem méiglechst héijen Niveau sollt erhale bleiwen, wéinegstens fir de Service universel ze finanzéieren.

Zweetens, dass ebe Service transfrontalier a Publipostage am Service réservé sollte bleiwen.

Dréttens, dass de Kalenner, fir dat ze maachen, räsonnabel wär, fir dass d'Entreprise sech dorunner kann upassen.

A véiertens, keen Automatismus fir d'Décision finale. An do schreift dann nach de Rapporteur dobäi: „…mais procédure de co-décision". Dat hunn ech eigentlech net richteg verstanen, well mer jo hei souwisou an enger Procédure de co-décision sinn. Also ees wéi ees, egal wat do geschitt, Här Minister, hunn ech dat falsch verstanen.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.* - Ech wëll de Rapporteur net interpretéieren, mä ech wëll just soen, d'Fro, déi sech effektiv gestallt huet an Europa, war, dass d'Kommissioun an eng ganz Partie Länner ebe wollte mat dëser Co-décisioun vun dëser Direktiv, déi aner scho vir ewech huelen, soen, et wär schonn definitiv dran an et géif keng nei Co-décisioun méi kommen. An esou hunn ech och de Rapport verstanen.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Et géif keen neie Projet méi kommen, et géif keen neien...

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.*- Voilà, et wär automatesch, an hei ginn d'Kaarten nach eng Kéier frësch gemëscht op Grond vun deem Rapport vun der Kommissioun. Dat war fir eis dat Wesentlecht.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Jo. D'accord. Et kann een allerdéngs, Här President, e bësse skeptesch si vis-à-vis vun där Lëtzebuerger Positioun, an och vis-à-vis vun deem Resultat, wat mer do erreecht hunn. Well en fait ass jo de sprëngende Punkt deen, dass mer bis elo nach keng Evaluatioun hu vun der Liberalisatioun, vun der éischter Phas vun der Liberalisatioun, op jidde Fall keng seriö Evaluatioun.

D'Bréisseler Kommissioun huet virun zwou Wochen, also ee Joer no där Décisioun, fir weider Etappe vu Liberalisatioun ze maachen, also d'Etappen 2 an 3, e Rapport publizéiert „sur l'état de transposition par les Etats membres". Mä an deem Rapport vun der Kommissioun steet näischt iwwer d'Qualitéit vum Service universel. Et ass och kee Rapport iwwer d'Effete vun der Liberalisatioun op zum Beispill den Emploi an den Entreprisen, wat awer ëmmer erëm, ech ka mech dat ganz gutt erënneren, am Europaparlament gefrot ginn ass, well gesot ginn ass, déi Postservicer an den eenzele Länner, dat si ganz grouss Entreprisen, mat villen Employéen, mat villen Arbeitnehmer, an et muss opgepasst ginn, dass den Emploi sauvegardéiert gëtt.

Mir hunn och iwwregens, Här President, den 30. November 2000 eestëmmeg an dëser Chamber eng Motioun ugeholl, déi vun onse grénge Kolleegen erabruecht ginn ass, a wou mir als sozialistesch Fraktioun gefrot haten, ee Saz dobäi ze kréien, deen och dran agefouert ginn ass, an dee Saz, dee war: „D'insister sur une évaluation globale de la première phase de la libéralisation, avant toute étape ultérieure". Also: „Insister sur une évaluation globale de la première phase de la libéralisation", éier soss eppes weider geschitt. Déi Demande vun onser Chamber ass net respektéiert ginn. Déi eenzeg Zuelen, déi mer hunn, ginn ons Opschloss iwwert d'Öffnung vum Maart, an déi Öffnung vum Maart no der éischter Etapp vun 2000 läit ëm 17% vum Marché postal zu Lëtzebuerg. Also ass se et trotzdeem, op jidde Fall, wann d'Zuelen, déi ons virleien, esou stëmmen. An d'Kommissioun annoncéiert, dass se wëllt vun 2003 un 20% vun de Revenuë vun de Postdéngschter opmaachen, woubäi mir jo awer scho bal mat der éischter Etapp déi Prozenter erreecht hunn. D'Etapp vun 2003, déi mer amgaange sinn, wäert eng Ouverture vun 42% vun de Revenuë vun de Postdéngschter ausmaachen, a vun 2006 u komme mer dann op 48% vun deene Revenuen.

Mir wëssen awer op där anerer Säit näischt iwwert de Finanzement vun dem Service universel, iwwert de Coût vun deem Service universel, oder och iwwert de Risque fir de Finanzement dovunner, wann de Maart bis op 48% geet. An dat, Här President, et deet mer Leed, ass net dat wat mer eigentlech verstanen hunn ënner enger Evaluation globale, wéi mer se hei als Chamber eestëmmeg gefrot hunn.

Et kann ee sech also dann d'Fro stellen: Wat geschitt weider? Well den Text vun der Direktiv enthält schonn elo, dass et eng weider Etapp vu Liberalisatioun am Joer 2009 gëtt, esouguer wann natierlech deen Detail vun där Liberalisatioun nach muss diskutéiert ginn. An dat ass ons grouss Interrogatioun zu deem Pakt, dee vun der Regierung hei approuvéiert ginn ass an deen och an dësem Gesetzesprojet dran ass.

Dat alles, Här President, bréngt meng Fraktioun dozou, fir dësem Projet net seng Zoustëmmung ze ginn. Net - ech wëll dat ganz kloer hei soen - well mer mordicus géint d'Liberalisatioun wären, géint all Liberalisatioun wären, mä mir mengen awer, dass besonnesch bei der Post eng grouss Virsiicht ubruecht ass, fir ee Service public ze erhalten, dee wichteg ass fir d'Kohesioun vun onsem Land an deen och wichteg ass fir den Zesummenhalt vun där Entreprise des P&T, déi eng grouss Roll am Emploi an och an der Ekonomie zu Lëtzebuerg spillt.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel agedroen. D'Madame Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop och mäi Merci un den Här Halsdorf fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport.

Ech hunn den 30. November 2000 op dëser Tribün, an den Debatten zum Gesetz vum 15. Dezember 2000 iwwert d'Services postaux an d'Services financiers postaux schonn en long et en large all Facettë vun der Liberalisatioun vun de Postservicer beliicht an och op d'Geforen higewisen, déi dës Liberalisatioun fir d'Lëtzebuerger Post bedeiten. Zumools - an dat ass jo de grousse Souci vun eis alleguerten - wann et géif ze vill schnell goen.

Mat deem Gesetz vun 2000 sinn no de Chifferen, déi mer elo kruten, 17% vum Lëtzebuerger Maart fir d'Konkurrenz opgaang. Elo debatéiere mer en neie Projet, wou d'Ouverture nach soll beschleunegt ginn. Konkret heescht dat - a meng Virriedner hunn et schonn ugedeit, an ech mengen, dat ass och eng Suerg, déi mer alleguerte verstinn - ënner anerem, dass no 2003 bis 42% vun der Post hirem Ëmsaz an esouguer no 2006 48% vun onser Lëtzebuerger Post hirem Ëmsaz der Konkurrenz sollen opgemaach ginn. Dat ass eng enorm Erausfuerderung wann ee weess, wéi eis Post strukturéiert ass. Si ass am ganzen Ëmbau, si ass an enger ganz neier Phas, mä, ech mengen, si brauch déi néideg Zäit, fir sech ze adaptéieren.

Ech erënneren drun, an de Ben Fayot huet et virdrun och elo scho gesot, wéi d'Aarbechten am Europaparlament gelaf sinn. Wéi d'Virbereedungsphas war vun der Direktiv 2002/39/CE, huet d'Lëtzebuerger Delegatioun am Comité des Régions zu Bréissel, grad esou wéi d'Lëtzebuerger Delegatioun och am Europaparlament, esou wäit wéi dat méiglech war, a mir hunn dat mat der Hëllef vun der Postdirektioun gemaach, wierklech haart gekämpft, esou gutt wéi et

gaangen ass, fir de Liberalisatiounstendenzen, an haaptsächlech der Beschleunegung vun der EU-Kommissioun, eng Brems virzeschieben. Ech ka mech erënneren, et war ganz spannend, well et sinn Allianze geschmitt gi mat anere Länner, déi ongeféier déiselwecht Soucien haten. Mir hunn do d'Chance gehat, fir eis duerchzesetzen, fir op d'mannst a punkto Grammen, also Erofsetze vun de Grammen, an och am Festsetze vun den Etappen Zäit ze gewannen; do hu mer eis Vuen duerchgesat kritt. Dat hu mer natierlech alles gemaach an der Optik, fir eiser Lëtzebuerger Regierung, déi selwer an haarde Verhandlungen zu Bréissel war, sou gutt wéi méiglech de Réck ze stäipen, fir hinnen och ze hëllefen, fir en akzeptabele Kompromëss erauszeschloen.

Här President, aus all deenen Iwwerleeunge vu menge Virriedner, an och déi ech selwer nach eng Kéier wëll ënnersträichen, geet ganz kloer ervir, dass d'Lëtzebuerger Post enorm Défië viru sech huet, déi se schnellstens meeschtere muss. Si kann net, wéi hir grouss auslännesch Postschwësteren, einfach sech majoritär an anere Postoperateuren akafen oder einfach an aner Aktivitéitsfelder massiv investéieren, fir sech do einfach nei an zousätzlech Standbeener ze verschafen. Wann een d'Surface financière an d'Capacité financière vun eiser Lëtzebuerger Post kuckt, par rapport zu enger däitscher Telekom oder enger franséischer Télécom, ech mengen, da versteet ee ganz schnell, dass si net esou einfach hei zu Lëtzebuerg d'Verloschter um Heemechtsmaart duerch potenziell nei Benefisser um auslännesche Maart kann opfänken. Mir wësse wéi schwiereg eis Lëtzebuerger Betriber, egal vu wat fir enger Envergure, et hunn, fir am Ausland op d'Marchéën ze kommen. Eis Post ass Prestataire vun engem Service universel de qualité an à prix accessible fir jiddfereen, muss sech also engersäits géint eng ëmmer méi staark present privat Konkurrenz wieren, an anerersäits muss se den Erwaardunge vun de Clienten an der Evolutioun am technneschen an am ekonomeschen, mä och - an dat ass ganz wichteg, an de Ben Fayot huet et nach eng Kéier ënnerstrach - am sozialen Ëmfeld gewuess sinn an em entgéintkommen.

Esou wéi de Rapporteur a wéi meng Virriedner wëll ech et nach eng Kéier widderhuelen an elo mat engem léiwe Beispill lech dat soen. Ech mengen, d'léif Bomi vun Huldang muss och nach kënnen an der Zukunft, wa se eleng wunnt, vun hirem Bréifdréier - an den „hirem" ass ganz wichteg, well déi mënschlech Relatiounen an d'Qualité de vie, déi hänke ganz vill dovun of - hir Bréiwer kréien an och kënne mat deem Mann, oder eventuell där Fra, sproochen, och wann därselwechter Bom et ganz vill Pleséier mécht, fir dass hiert Enkelkand, während si vum Bréifdréier d'Bréiwer kritt, mat dem Handy vun Huldang op de Cap Horn telefonéiert.

Ech mengen, d'Evolutioun op där enger Säit däerf net d'Liewensqualitéit op där anerer Säit aschmäleren. Eis Post ass awer, am Verglach mat hiren auslännesche Schwësteren, e klengen Acteur. Dofir ass et wichteg, dass d'Politik, op allen Niveauen, eiser Post d'Méiglechkeet gëtt, fir sech nei Aktivitéitsberäicher ze erschléissen. Mir mussen der Post Zäit ginn, fir sech op hir Zukunft optimal virzebereeden. Mir mussen der Post och Zäit gi fir hir bestoend Aktivitéiten auszebauen, ze verbesseren an och ze optimiséieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Wee, deen dëse Projet de loi gewielt huet, ass richteg, well en ass akzeptabel fir onst Land a fir ons Post. Quitte dass ech mech menge Virriedner uschléissen, mä de Minister Biltgen weess dat besser wéi keen aneren, wëll ech wierklech d'Regierung bieden, dass se sou gutt wéi méiglech oppassen a virsiichteg si soll, fir lues ze maachen oder ze versichen, dass déi aner net ze vill schnell maachen, dass mer zu Lëtzebuerg d'Qualitéit vum Service universel hunn, wat eis Post elo mol ass, fir all Schichte vun der Populatioun, an net nëmmen déi finanziell Stäerkt kënnen halen. Vu dass ech Fiduz hunn an d'Regierung, an ech weess, dass de Minister Biltgen alles gemaach huet wat e ka fir Bremse virzeschieben a Rigelen och, bréngen ech hei zu dësem Projet den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit fir d'éischt eise Merci un all Leit, besonnesch déi aus de Verwaltunge vu Stat a Chamber, déi un dësem Projet matgeschafft hunn. Wourëms et geet hu meng Virriedner hei schonn erkläert. Geännert gëtt dat éischt Gesetz aus dem Joer 2000, wat deemools opgrond vun enger europäescher Direktiv de formellen Ofbau vum staatleche Monopol alaude sollt an d'Konkurrenz bei de Postservicer afëiere sollt. A menger Interventioun wëll ech dem ADR seng Positioun zum Gesetz vun deemools an déiselwecht zum heitege Projet däitlech maachen:

1. Den ADR trëtt a fir ee geséchert en universelle Postdéngscht zugonschte vun allen.

2. Den ADR ass géint all künfteg Behënnerung vum fräie Maart zugonschte vu Privilegien.

3. Den ADR ass besuergt ëm d'Zukunft vum Personal vun der Post esou gutt wéi ëm dat vun de private Postservicer.

Här President, eent vun de grondleeënden Ziler vum Traité vun der Europäescher Unioun ass jo, déi fräi Maartwirtschaft um Gebitt vun den Déngschtleeschtunge fir d'Konkurrenz opzemaachen. Et ass also noutwenneg, d'Postservicer fir d'Konkurrenz opzemaachen, domat d'Offer vun den Déngschtleeschtunge fräi ze maachen, méi grouss ze maachen, méi Ubidder zu gënschtegere Bedingunge méiglech ze maachen an esou d'wirtschaftlech Aktivitéit an Opschwonk ze favoriséieren.

D'Direktiv vum Dezember 1997 huet d'gemeinsam Regele festgeluegt, fir de Bannemaart vun de Postservicer ze entwéckelen an d'Qualitéit vun de Servicer ze verbesseren an, ganz wichteg, d'Direktiv huet e Service universel op communautärem Niveau festgeluegt, als Assurance fir ee Qualitéitsservice zu Präisser, déi jiddferee bezuele kann. Wat fir d'Post bei dësem absolut noutwennegen universelle Service abegraff ass, stoung am Detail an der Direktiv an ass och schonn hei gesot ginn.

Dem ADR seng Suerg zugonschte vun dësem Postdéngscht fir all Leit ass kloer. Jiddferee muss säin dagdeegleche Courrier kréien, egal wou hie wunnt: am eenzelnen Haus wäit ewech, grad esou gutt wéi am Reienhaus matzen an der Stad, egal ob ee Bréif pro Joer kënnt oder honnert pro Dag. Wichteg ass dobäi en identesche Präis vum Timber, net ze deier, an d'Garantie säi Courrier regelméisseg ze kréien.

Här President, fir dem ADR seng Positioun däitlech ze maachen, ass et wichteg op d'Finanzéierung vun dësem Service zréckzekommen. Bis zum Joer 2000 war déi Finanzéierung einfach. D'Post hat de Monopol, konnt de Leit froen, wat se wollt, an huet esou e flächendeckende Betrib finanzéiert. Ass Konkurrenz am Spill, musse gläich Konditioune geschafe ginn, also keng Korinthepickerei.

D'Direktiv vun 1997 huet et den eenzelne Länner fräi gelooss en Deel vum Courrier nach weiderhin, fir de fréiere Monopolist, bei eis ass dat d'Entreprise Post, ze reservéieren, an domat dëse Service ze finanzéieren. Déi deemoleg Regierung huet festgeluegt, dass all Bréif bis zu engem Gewiicht vun 350 Gramm weiderhin am Monopol bleift, an huet domat déi héchstméiglech Barrière agesat, déi d'Direktiv zougelooss huet. Dës Bestëmmung war contraire zum Sënn vun der Direktiv, déi jo wollt de Secteur progressiv op déi verschidden Etappe vun der Fräiheet virbereeden a fit maachen.

Dëst war ee vun den Haaptgrënn, déi den ADR deemools dozou gefouert hunn, dat Gesetz net mat ze stëmmen. Des Weideren huet déi deemoleg Regierung eng nei an zousätzlech Chasse gardée fir de Monopolist Post an d'Gesetz mat agebaut: De Publipostage. D'Verdeele vu Reklammen ass vun der Majoritéit vun den Deputéierten de Privatbetriber entzu ginn an der Post ouni Konkurrenz zougesprach ginn. Amplaz d'Geleeënheet ze notzen, eis Post an hiert Personal deemools schonn am Viraus op d'Erausfuerderung vun der fräier Maartwirtschaft virzebereeden, flexibel an effikass ze ginn, an ze léieren innovativ ze reagéieren, an amplaz de Leit an de Betriber d'Méiglechkeet ze schafe vu besseren a präiswäerte Servicer kënnen ze profitéieren, huet déi deemoleg Regierung eng zousätzlech künstlech Behënnerung vun der Konkurrenz geschaf, mam Resultat, déi wirtschaftlech Aktivitéiten aus dem Privatsecteur ze behënneren. Dëst war deen zweete wichtege Grond, deen den ADR dozou gefouert huet d'Gesetz vum Joer 2000 net mat ze stëmmen.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Här President, déi nei europäesch Direktiv staamt aus dësem Joer a muss virum 1. Januar 2003 a Lëtzebuerger Gesetz ëmgesat sinn. D'Ännerungen, déi mat dësem Projet virgeholl ginn, schrauwen d'Monopolpositioun vun der Post an zwou weideren Etappen zréck. Dës Etappe si scho genannt ginn.

Vum 1. Januar 2003 u gëtt déi iewescht Grenz vun 350 op 100 Gramm zréckgesat, a vum Joer 2006 un op 50 Gramm. Dat heescht, duerno gehéiere just nach Bréiwer ënner 50 Gramm Gewiicht zur Post, déi fir de Monopolist reservéiert bleiwen. Wat d'Gewiicht vum reservéierte Courrier ubelaangt, wäre mir dann elo schlussendlech esou wäit, wéi den ADR dat am Joer 2000 bei den Debatten an der Chamber verlaangt hat. Mat engem éischte vun zwee Amendementer hu mir gesot, dass déi ënnescht Limite vu 50 Gramm misst an d'Gesetz ageschriwwe ginn. Op dësem Punkt geet de Projet also op de richtege Wee. Den ADR verzicht dofir drop, dësen Amendement aus dem Joer 2000 nach eng Kéier ze presentéieren.

Et ass awer festzehalen, dass d'Regierunge vu virdrun an déi heiteg Regierung mat dësen Délaie vill Zäit verplemperen an eng Chance verpassen, déi déi aner Länner ergraff hunn, fir hir Servicer ze reorganiséieren. Wann elo fälschlecherweis gesot gëtt, duerch dësen Délai hätt d'Post en décke Benefiss agestach a géif och elo nach e puer Joer weider en décke Benefiss astiechen, da muss ech drun erënneren, dass et d'Leit hei am Land sinn an d'Betriber, déi dës erhéichte Käschte fir d'éischt emol musse verdéngen an opbréngen. Dobäi ënnerläit eis Ekonomie jo der direkter Konkurrenz aus dem Ausland a kann net op eng Chasse gardée zréckgräifen.

Dës Benefisser vun der Post hunn och näischt mam Käschtepunkt ze dinn, deen noutwenneg ass, fir en Universalservice ze garantéieren. Dofir ass et onverständlech, dass dës Regierung sech weiderhin drop behaapt, de Publipostage gesetzlech ënnert de reservéierte Servicer ze halen. Ech widderhuelen: Dës Dispositioune féieren zu engem Resultat, wat der Direktiv diametral entgéint leeft. Den ADR verlaangt, dass den Artikel 15 vum Gesetz vum 15. Dezember 2000 och ëmgeännert gëtt, fir dëse Publipostage aus de reservéierte Servicer erauszehalen.

**Une voix**.- Très bien.

**M. Fernand Greisen** *(ADR)*.- Ech wëll dofir nach eng Kéier datselwecht Amendement wéi virun zwee Joer iwwerreechen.

***Amendement 1***

*Article 3*

*Le libellé du paragraphe (2) de l'article 15 est modifié comme suit:*

*Les mots „et le publipostage" sont rayés.*

*L'article 15 (2) se lit comme suit:*

*„Le courrier transfrontière est réservé dans les limites de prix et poids fixées ci-dessus."*

*(s.) Fernand Greisen, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling.*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den ADR huet scho beim éischte Projet am Joer 2000 verlaangt, dass d'Zäit misst benotzt ginn, fir eis Entreprise Post an hiert Personal op déi nei Erausfuerderunge virzebereeden. Mat eisen Iwwerleeunge vun deemools, déi haut nach déiselwecht sinn, kann all Postgewerkschaftler averstane sinn.

Mir hunn eis Suergen ëm d'Zukunft vun de Bréifdréier gemaach, well mir wëssen, dass elo nach d'Beamte vill ze schleefen hunn. Ech hunn erkläert, dass d'Gewiicht meeschtens Reklamme sinn. Et ass net noutwenneg, en deier bezuelten héich ausgebilte vereedegte Beamten ze benotzen, fir Reklammen auszedeelen. Mir hu gesot, dass et net am Sënn vun de Bréifdréier ass, d'Gewiicht vum reservéierte Courrier vu 50 op 350 Gramm stoen ze loossen.

Zum Thema Zukunftsperspektiven an Ofsécherung vun engem héich sozialen Niveau vum Emploi steet an der neier Direktiv, dass dofir gesuergt muss ginn, dass de ganze Postsecteur dovu profitéiere kann. Dat ënnerschreift den ADR mat zwou Hänn.

Wann ee sech awer Suerge mécht ëm den Niveau vun enger sozialer Ofsécherung, da fänkt ee jo awer net beim héchsten Niveau un ze verbesseren, mä beim klengsten. Also suergt ee fir d'éischt dofir, dass d'Gefäll, den Niveauënnerscheed, tëschent dem privaten an dem öffentleche Postier net ze grouss ass, an domat d'Käschte vum Service ähnlech sinn. Da lafen d'Clienten och net esou schnell fort. Fir de Client, fir eis all, ass et dat Wichtegst, dass hie sech un e Prestataire wende kann, an deen hie Vertrauen huet an deen him e Qualitéitsservice zu kompetitive Präisser ubitt.

Dës Regierung, grad esou wéi déi vu virdrun, huet awer näischt gemaach, fir hire Beamten an hirem Betrib Mëttel ze ginn, fir sech mat der Konkurrenz auserneen ze dinn. Dass grad um Gebitt vun der Preparatioun vun der Entreprise Post näischt oder net vill geschitt ass, beweisen op d'mannst folgend Texter, zum Beispill aus dem Avis vun der Chambre de Commerce. Do steet: 17% vum Marché si fräi fir d'Konkurrenz. Dat seet d'Regierung. D'Chamber bezweifelt dës Zuele mam Argument, d'Entreprise wär nach ëmmer net an der Lag e getrennte Bilan ze presentéiere fir hir Haaptaktivitéiten. Dat sinn d'Postservicer, d'Télécom an de Postchèque.

***(Interruption)***

Dëst behënnert d'Transparenz a komplizéiert all Berechnung an ass contraire zur Direktiv. Kee Wonner also, wann de Conseil d'État a sengem Avis virdru warnt, dass dëse Wee mat dräi Zwëschenetappen net zur Inaktioun féieren däerf bei der Entreprise Post.

Här President, zum Schluss wëll ech d'Positioun vum ADR esou resuméieren. Éischtens: Wat d'Garantien ubelaangt fir e geséchert universelle Postdéngscht zugonschte vun allen, kënnt den ADR dësem Projet zoustëmmen. Zweetens: Och wann eréischt am Joer 2006, déi an der Direktiv virgesinn ënnescht Grenz op 50 Gramm ofgebaut gëtt, esou ass d'Regierung mat dësem Projet dach um richtege Wee. Drëttens: Wann eisen Amendement zum fräie Verdeele vu Reklammen duerch Privatfirmen net ugeholl gëtt, da wäert sech den ADR beim Vote enthalen. Den ADR verlaangt, dass d'Verdeele vu Reklamme vu Privatfirmae ka gemaach ginn. De Publipostage gehéiert net an de staatleche Monopol. Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Greisen. Den nächste Riedner ass den Här Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn net Member vun der zoustänneger Kommissioun, dat ass mäi Kolleeg Robert Garcia. Well deen awer krankheetshalber net hei ka sinn, wëll ech selwer e puer Wuert zu dësem Projet de loi fir déi Gréng soen.

Erlaabt mir vläicht zwou méi grondsätzlech Virbemierkungen, ier ech zu de Services postaux kommen. Dat eent ass eng Virbemierkung par rapport zu der Liberaliséierung insgesamt, déi an Europa a weltwäit zënter ronn zéng bis zwielef Joer sech ëmmer méi duerchgesat huet, dat bekanntlech op Wonsch vum politesche Mainstream an Europa, deen op déi Privatiséierung a Liberaliséierung ëmmer méi gedrängt huet.

Ech wëll soen, an dat ass bekannt, dass ech eng ganz staark Skepsis hu par rapport zur ganzer Liberaliséierungswell, déi an deene vergaangene Joren a ville Secteuren ëmmer méi komm ass. Wann een d'Resultater kuckt an enger ganzer Rei vu Länner, net nëmmen a Länner vum Tiers Monde, mä och an europäesche Länner, a verschiddene grousse Secteuren, déi liberaliséiert gi sinn, da sinn déi Erfahrungen, déi um europäesche Plang gemaach gi sinn, net ganz positiv. Dat ass emol dat mindest, wat ee ka soen.

Besonnesch um soziale Plang an och wat d'Aarbechtsplazen ubelaangt, sinn déi Erfahrungen esouguer éischter negativ. Ech hat och an deem Kontext d'lescht Joer, ëm déiselwecht Zäit lech e Rapport presentéiert vun deem wat bei der Welthandelskonferenz zu Doha diskutéiert ginn ass, wou et jo kloer ass, datt den Trend ëmmer méi a Richtung vun der Liberaliséierung a Privatiséierung an Dereguléierung geet. An deem Kontext ass et esou, datt een Ofkommes do ass, dat ass dat sougenanntent GATS-Ofkommes. Dat ass eben d'Ofkommes iwwert d'Liberaliséierung vun den Déngschtleeschtungen. An deem Kontext gëtt am Moment vun der europäescher Kommissioun, am Numm vun den Europäer verhandelt zu Genf hannert verschlossenen Dieren, wou kee weess wat genau do verhandelt gëtt, a wou keng Transparenz ginn ass, a wou den Trend an d'Richtung geet fir praktesch alles, wat bis elo öffentlech Déngschtleeschtung war, ze liberaliséieren. Dat geet och an d'Richtung fir Waasser, Elektrizitéit, Schoul, Santé an esou virun ze liberaliséieren. Dat ass en Trend. Esou eng wëll Dereguléierung ass eppes wat mir absolut net kënne matdroen am Allgemengen, well mer d'Konsequenzen dovunner, besonnesch um soziale Plang, mä

och um Plang vun der Déngschtleeschtung, wat de Client ubelaangt, als net onbedéngt positiv ugesinn.

***(Interruption)***

Här Henckes, ech droen net alles dat wat am Ausland mengetwege vun der franséischer sozialistescher Regierung, wou och Grénger mat dobäi waren, gemaach ginn ass. Ech mengen, et muss ee jo och kënnen aus schlechten Erfahrunge léieren. Ech mengen, et ass besser, et léiert een aus schlechten Erfahrungen, wéi et léiert een net draus an et mécht ee virun an eng falsch Direktioun.

Dat gesot, wéilt ech awer soen, datt fir eis natierlech de Service public, eng öffentlech Déngschtleeschtung, och méi effikass muss sinn, wéi dat haut deelweis de Fall ass. An och de Service au client muss selbstverständlech besser ginn. Op ville Plazen ass nach muenches ze verbesseren an deem Sënn. Dat heescht awer net, datt dat automatesch da géif heeschen, datt een d'Buedbidde mam Waasser muss ausschëdden, mä da misst een awer och kënnen an deem aktuelle Statut Verbesserungen duerchsetzen, déi e bessere Service géifen assuréieren.

Wat elo déi heite Situatioun ubelaangt vun de Postdéngschter, soll et jo elo zu enger Öffnung vun der Konkurrenz kommen am Joer 2003, vun 42% vum Chiffre d'affaires, an 2006 vun 48% vum Chiffre d'affaires. Dat si ganz grouss Undeeler vun Öffnung zur Konkurrenz, an ech muss soen, datt mir Problemer hunn an déi Richtung matzegoen aus enger Rei vu Grënn. Dat eent ass, wann een elo d'Avise vun de Chambres professionnelles duerchliest, an et liest een zum Beispill dee vun der Chambre de Travail, da ginn do zwou, dräi wesentlech Saache gesot, déi eis och ze denke ginn. Ech wëll lech eent vun den Argumenter vun der Chambre de Travail hei kuerz virliesen: „La Chambre de Travail n'est pas d'accord avec la libération projetée". An da firwat: „Cette dernière mettrait en danger l'opérateur luxembourgeois qui, mesuré à l'echelle européenne", dat heescht also mat deenen anere gréisseren Ubidder um Marché, „est une petite société, dont la survie pourrait facilement être menacée". Dat ass en Argument, wat eis och ze denke gëtt, wat eis och skeptesch mécht par rapport zu där projetéierter Liberaliséierung. Da steet am Avis vun der Chambre de Travail och, datt d'Marge de manoeuvre fir d'Regierung hätt kënne méi ausgenotzt ginn an deem Sënn, datt zum Beispill bei de Services réservés d'Envois transfrontaliers an de Publipostage hätte kënnen dodra bleiwen. An dann ass virun allem awer eng Remarque, déi fir mech...

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- Déi sinn dran! Et ass jo just dat, wat mer gemaach hunn. De Publipostage an d'Services réservés sinn dran, wat jo de «Courroux» vum ADR hei ass.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).-* Här Biltgen, et ass jo dat wat ech hei zitéiert hunn. Ech hunn hei just d'Chambre de Travail zitéiert.

Ech si frou, wann Der dat op deem dote Punkt gemaach hutt. Dat ännert awer näischt drun, datt et nach weider Grënn gëtt, firwat datt mer deem Projet hei skeptesch vis-à-vis stinn, an een dovunner ass och schonn ugeféiert ginn hei vum Här Fayot. Op Grond vun där Motioun, déi déi Gréng erabruecht hunn, an déi dann ergänzt ginn ass vun der sozialistescher Fraktioun, si mir och der Meenung, datt hätt missen dann no der éischter Etapp, déi gemaach ginn ass, eng Evaluatioun gemaach gi vun de Resultater dovunner, déi vun der europäescher Kommissioun fir 2006 projezéiert gëtt, mä déi awer...

M. le Président.- Den Här Minister wëllt intervenéieren.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- Just zu deem Zousaz, deen d'Madame Delvaux erabruecht hat, mat deem ech och honnertprozenteg d'accord war, well e mer och gehollef huet. Mir hunn dat gemaach. Dir hutt eis opgefuerdert, dass mir sollen insistéieren, a mir hu bis zum Schluss dorobber insistéiert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).-* Wat ass dann d'Resultat?

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- Mir sinn domadder net duerchkomm. D'Fro vum Resultat ass natierlech déi, wann een an enger Majorité qualifiée ass, wou een emol kee Veto huet, muss een de Kompromëss do zouschloen, wou de Kompromëss akzeptabel ass fir d'Land. A menger Ried herno erklären ech Iech dat. Mä mir hu bis zum Schluss insistéiert, awer dee Moment, wou mer e Kompromëss haten, deen eiser Post et erlaabt, sech esou ze restrukturéiere bis 2009, dass näischt u se kënnt, war et awer och eis Aufgab als Regierung, fir deem Kompromëss do zouzestëmmen. Nach eng Kéier, mir haten hei kee Veto-Recht. Hei ass d'Majorité qualifiée, d'Co-décisioun ; den Här Fayot kennt d'Prozedur.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).-* Jo, mä d'Motioun vun der Chamber war awer un Iech gaangen, fir eng Evaluatioun ze maachen.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- D'Motioun ass u mech gaang: „D'insister sur une évaluation", well mir kënnen d'Evaluatioun net maachen. Dat kann nëmmen d'Kommissioun. A mir hu bis zum Schluss, bis zum Geht-nicht-mehr bei der Kommissioun insistéiert, dass se dat soll maachen, an d'Kommissioun wëllt dat net. Leider kënnt Dir keng Motioun direkt un d'Kommissioun maachen, dat hätt eis méi gehollef, Här Huss.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).-* Leider nach net.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- Dat kann nach kommen.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).-* Bon, ech mengen, et ass also ganz kloer, datt mir eng grouss Skepsis hu par rapport zu där ganzer Liberaliséierungswell, déi do rullt, déi nach viru soll goen, well mer am Fong net agesinn, firwat datt dat muss geschéien, wann et méiglech wier duerch gezielte Reformen am Statut vun den öffentleche Betriber et och an deem Kontext zu Verbesserungen ze bréngen. Dat heescht, datt do d'Effikassitéit géif verbessert ginn, datt de Service au public géif verbessert ginn. Da gesi mir net an, firwat datt automatesch muss och d'Konkurrenz zu private Betriber opgemaach ginn. Dat heescht, déi ganz Richtung ass fir eis eng Richtung, déi, wat d'Resultater vun deene Liberaliséierungen herno ubelaangt - a mir gesinn dat jo awer, ech mengen, Dir sidd jo awer um Courant, wat op anere Secteuren an de Länner ronderëm eis um Niveau vun der Liberaliséierung geschitt ass; ech brauch nëmmen d'Beispill vun England ze huelen, souwuel wat d'Energiefro oder d'Transportfro ubelaangt, oder wat France-Télécom a Frankräich ubelaangt - awer alles anescht wéi iwwerzeegend ass. An dat ass fir eis also en allgemengen Trend, wou mir méi wéi skeptesch sinn, …

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- Mir och, Här Huss!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).-* … a wou mer also dofir der Meenung sinn, datt mer dësem Projet de loi net kënnen zoustëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Huss. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Här President, dat wat hei gemaach gëtt, dat gëtt a schéi Wierder gekleet. E wéineg konkurrenziellt Emfeld misste mer liberaliséieren, fir dass déi néideg Moderniséierunge kënnten am Intérêt vun den Utilisateure vollzu ginn. Besonnesch bei neie Produkter wier et wichteg, fir se méi accessibel ze maachen. Dat liest sech alles wéi eng Reklamm. Begrënnt gëtt et net. Et muss een eppes den Neoliberalen zougestoen, dat ass, dass se bis elo de Kampf um Gebitt vun den Iddie gewonnen hunn, heiansdo bis an d'Reie vun alternativ wëllende Parteien eran.

***(Interruption)***

Bei Iech net, dat ass wouer. Mä ech hunn och aner Téin elo während der Debatt héieren, wou et sech awer e bëssen ugesäit, wéi wann déi Reklammen do einfach géifen ofgelies ginn. Dobäi, mengen ech - an dat misst eigentlech jidderengem kloer sinn, och deem, dee mat deenen dote Wierder déi Saach hei verteidegt - geet et jo net dorëm. Deen eenzege Beweggrond ass d'Ouverture vum Postmarché, esou wéi aner Marchéen och sollen opgemaach ginn, well sech säfteg Profiter do erwaart ginn, an déi allgemeng Auswierkunge vun där Tendenz wäerten och net ausbleiwen. Dat heescht, dass d'Léin an d'Sozialbedingungen an deem Secteur do erof wäerte goen, well et gi jo dann och fir d'éischt Profitter an deem Secteur do gemaach, a Léin a Profitter, dat ass jo nun ebe wéi Feier a Waasser.

E Secteur, wou kee soziale Geescht a keen Esprit d'intérêt public méi besteet, dee gesäit och de Benotzer vun deenen öffentlechen Déngschtleeschtungen nëmme méi als ee Geldbeschafer, an e puer grouss monopolistesch Konkurrenten, déi herno wäerten iwwreg bleiwen - well et wäert jo kee sech Illusioune maachen, dass et sech hei ëm e fräie Maart handelt –, maachen de Match dann ënner sech aus, zerstéieren d'sozial Strukturen an zerstéieren och d'Ëmwelt. Ech wëll nëmmen zwee Beispiller ginn, wéi absurd dat heiansdo ka sinn. D'Gemenge mussen elo Tangosmasten opriichten, niewent de Postmasten, fir dass d'Handyë kënne fonctionnéieren. Wat eng Sënnlosegkeet, a wat eng Zerstéierung am Fong geholl vun eiser natierlecher Ëmwelt. Wann zwee Postautoen duerch d'Stroossen an Zukunft wäerte fueren, ee vun der Post an ee vun iergendengem privaten Ubidder, hu mer och net onbedéngt vill fir eis Ëmwelt gemaach.

Beispiller vun esou Kapitaliséierungen - ech weigere mech, an Zukunft deen Ausdrock vu Liberaliséierung iwwerhaapt nach ze gebrauchen; et handelt sech ëm eng Kapitaliséierung - hu mer jo gesinn an England, dat jo wäit vir war op deem Gebitt. Do brauch een nëmmen an den Transportsecteur kucken ze goen, oder an de Spidolssecteur, fir ze gesinn, wéi d'Auswierkunge vun esou enger Politik sinn.

Ech wëll awer och net de Service public hei idealiséieren. Ech mengen och de Service public kënnt vill verbessert ginn. E kënnt vill méi no bei de Leit sinn, e kënnt sech vill méi opmaache fir d'Leit, sozial Lienen hierstellen zu de Leit, mä do ass awer d'Basis, fir dat ze maachen.

Ech ginn nëmmen e Beispill: Mir wëssen alleguerten, dass d'Bréifdréier och eng gewëssen Zort vu sozialem Kontakt fir d'Leit sinn, ganz dacks zu eelere Leit. Si bréngen hinnen heiansdo hir Rent. Si fëllen hinne Formulairen aus. Si schwätzen och emol mat de Leit. Wann et esou kënnt, dass do déi privat Servicer dat alles hunn, dann ass dat ganz anescht. Da kënnt d'Post, pardon, e Mailservice ugefuer mat engem Auto, wou e GPS dran ass, wou hannendrun en Dispatcher ass an enger Zentral, dee ganz genau verfollegt, wou de Chauffeur, oder den Agent d'exploitation, sech dee Moment ophält.

Dee sprëngt séier aus sengem Auto, sprëngt och séier erëm dran, fir nëmme fortzefueren, well all Arrêt vu méi wéi enger halwer Minutt gëtt direkt registréiert op engem Listing an engem zentrale Computer. Dat, wat ech beschriwwen hunn, ass schonn elo d'Situatioun am Stroossegidderverkéier, wou et schonn déi technesch Iwwerwaachungsmëttele gëtt fir déi Leit, déi do schaffen.

Ech hu virdru vun der sozialer Missioun vun de Bréifdréiere geschwat, ech kéint och vun de Postbüroe schwätzen. Déi missten an Zukunft vill méi a klengen Uertschafte sinn, souwéi an deenen eenzelne Quartieren an de Stied vill méi dezentraliséiert schaffen a vill méi eng breet Palett vu Servicer ubidden, zum Beispill am Zesummenhang mat aneren öffentlechen Infrastrukture vun de Gemengen, vun der Sécurité sociale oder vun der Spuerkeess. E Guichet unique kéint et ginn an all Gemeng, all Uertschaft an an all Quartier, wou gewësse staatlech Servicer géifen dran ugebuede ginn, verbonnen iwwer Internet. Dat ass jo alles méiglech schonn de Moment, och an engem öffentleche Service.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Ech mengen och, dass et schlussendlech eleng de Service public ass, deen d'Méiglechkeet vun enger demokratescher Kontroll och vun der Öffentlechkeet bitt, well et ass kloer, wa bis e Privaten do ass, da féiere mer an der Chamber keng Debatt méi iwwert de Fonctionnement vun esou engem öffentleche Service. Ech weess, wat mer wäert geäntwert ginn. Et wäert mer geäntwert ginn, dass elo jo schonn e Service universel souwisou virgesinn ass, dass d'Post dee soll kréien, an dass d'Post doniewent nach eng Rei Geschäfter ka maachen, wéi deen ominöse Publipostage, vun deem elo geschwat ginn ass, fir dass se sech awer e bësse ka finanzéieren.

Mä ech froe mech: Firwat dann iwwert dee komplizéierte Wee do fueren? Et bleift awer nach ëmmer bestoen, dass dee privatiséierten Deel ëmmer nach grouss genuch ass, fir all déi Nodeeler mat sech ze zéien, déi ech virdrun opgezielt hunn. Dee privatiséierten Deel wäert permanent Drock maachen op de Service universel, ënner anerem och Drock maachen, fir dass dee seng Präisser an d'Luucht setze soll. Déi, déi drënner leiden, sinn dann déi mat deene klenge Léin. Mir hunn dat jo och gesi bei den Télefonsverbindungen. Grad d'Télefonsverbindunge vun deene klenge Leit gi méi deier, während bei deene groussen Utilisateuren, déi dauernd um Internet sinn, d'Präisser effektiv erof ginn. Et bréngt also e Gâchis sonnergläiche vu gesellschaftleche Ressourcen.

Mir hu gesinn - an ech wëll domat ophalen, well ech gesinn, dass meng Zäit geschwënn eriwwer ass -...

***(Brouhaha général)***

...wéi dat funktionéiert an deem fonkelneien Telekommunikatiounsmaart, wann d'Raubdéiere sech bis an d'Hoer geroden, wat da geschitt, a wéi vill Milliarden dann an de Sand gesat ginn. Eise Premierminister huet jo hei gesot, Milliarde wären elo schonn op de Boursse verspillt ginn. Hien huet gesot, dat hätt virun allem eppes mat den Telekommunikatiounen ze dinn, wat op deem Maart do geschitt. Da falen d'Coursen op de Bourssen. Et gëtt eng Finanzkris, de Budget ass am Eemer an d'Regierung ass an der Panik. Dat ass zum Beispill dat, wat ka geschéie mat där Tendenz hei.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Duerfir, mengen ech, d'Gebot vun eiser Zäit ass, Resistenz ze maache géint esou eng Entwécklung. An duerfir wäert ech och mat Nee stëmmen.

Ech wëll iwwregens nach eppes zu där Madame do soen.

M. le Président.- Et ass awer elo Feierowend.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Gëschter, wéi se hei gekrasch huet si hätt keng Riedezäit méi, hat ech ee Moment dru geduecht hir meng wéineg Riedezäit, déi ech nach zum Budget hunn, ze offréieren. Ech gesinn, si ass elo déi éischt, fir mech hei ze ënnerbriechen.

Une voix.- Dir hutt hir jo Är Zäit net ginn. Firwat soll se Iech dann nach merci soen?

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- D'Wuert huet elo den delegéierte Kommunikatiounsminister, den Här François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.-* Här President, Dir Dammen, Dir Häre, erlaabt mir fir d'éischt dem Rapporteur, dem Jean-Marie Halsdorf, merci ze soe fir dee gudde schréftlechen a mëndleche Bericht. Hien huet sech wierklech d'Méi ginn, fir déi ganz Antécédenten ze kucken, well wann een d'Antécédenten net kuckt, da kéint een hei natierlech objektiv soen: Hei kann ech och dergéint stëmmen.

Et ass evident, mat deene meeschte Riedner, ofgesi vun deem vum ADR, sinn ech absolut enger Meenung - iwwregens net nëmmen ech, mä d'Regierung -, dass d'Liberaliséierung net onbedéngt ëmmer nëmme gutt ass, a méi oft schlecht wéi gutt ass. Dës Lëtzebuerger Regierung, grad eréi hir Virgängerinnen, war ni e Liberaliséierungsfanatiker. D'Liberaliséierung kann eppes bréngen. Et gi Beispiller, wou d'Liberaliséierung eppes bruecht huet.

Um mobilen Telekomsberäich huet d'Liberaliséierung mat méi Kompetitioun, déi nei ugefaangen huet, doudsécher eppes bruecht, méi wéi dat, wat do e Monopol bruecht hätt, wann e Monopol eleng komm wier. Bei der Post zu Lëtzebuerg awer waren déi successiv Lëtzebuerger Regierungen dauernd der Meenung, dass eng Liberaliséierung näischt méi géif bréngen. Wuerfir gëtt eng Liberaliséierung gemaach? Wat ass dat, wat d'Liberaliséierungsbefürworter am Hannerkapp hunn?

Si haten am Hannerkapp, dass méi effikass a méi bëlleg Servicer géifen ugebuede ginn. Et gouf eng ganz Partie Länner, besonnesch am Beräich vun der Post, wou d'staatlech, d'öffentlech-rechtlech Monopol-Postservicer effektiv keng gutt Servicer ugebueden hunn. Dir kennt déi Länner och, wou Är Kaarten ni ukomm sinn, wann Dir se aus der Vakanz geschéckt hutt. Déi Länner waren der Meenung, dass wann ee géif Liberaliséierung maachen, wann ee géif d'staatlech Monopoler zerschloen, géif et fir de Stat méi bëlleg ginn an et géife méi effikass Servicer kommen.

Zu Lëtzebuerg musse mer allerdengs feststellen, dass mer ëmmer Postservicer haten, déi net nëmmen effikass waren, mä déi och zu

akzeptable Präisser waren. Dat heescht vu vireran, datt d'Liberaliséierung an Europa Lëtzebuerg rose wéineg brénge kann, och net op deene Randberäicher vum Publipostage, deen elo vum ADR hei ervirgehuewe gëtt.

Insgesamt brauche mir zu Lëtzebuerg keng Postliberaliséierung, mä d'Liberaliséierung ass eppes, wat an Europa leeft a wat an Europa duerchgefouert gëtt. Et muss ee wëssen, dass dat en Domän ass an Europa, wou mat Majorité qualifiée ofgestëmmt gëtt. Dat heescht: De Lëtzebuerger Minister, wat ech virdru scho gesot hunn, huet kee Vetorecht. Nach wësst Dir, wéi schwiereg et ass, als klengt Land e Vetorecht anzesetzen. Do, wou Unanimitéit ass, an et ass e klengt Land, wat eleng steet, do gëtt virun him geknéit, dass et soll mat deenen anere stëmmen. Do, wou awer Majorité qualifiée ass, an et ass e grousst Land, wat Problemer huet, do gëtt versicht virun deenen aneren ze knéien, fir dass et eng Unanimitéit gëtt. Dat sinn d'Gréissteverhältnisser an Europa. Mat deene musse mer liewen. An do musse mer dat Bescht draus maachen.

Dofir hunn déi successiv Lëtzebuerger Regierungen och versicht, Alliéierter ze fannen, déi hinne gehollef hunn, déi Liberaliséierung esou ze gestalten, dass zu Lëtzebuerg net eisen Opérateur historique, wéi dat heescht, eis Post, géif zerschloe ginn, well eng total Liberaliséierung, ouni e staarke Lëtzebuerger Matspiller, géif de Lëtzebuerger näischt bréngen. Dat muss een einfach wëssen. Duerfir ass Lëtzebuerg net interessant genuch, fir dass elo esou vill auslännesch Operateuren hei géifen hikommen an duerch d'Konkurrenz dat ubidden, wat d'Post awer nach ëmmer fir vill Leit ubitt.

Déi éischt Liberaliséierung war ënnert der virechter Regierung an ënnert engem sozialistesche Minister ausgehandelt ginn. Mir hunn déi jo eréischt am November 2000 gestëmmt. Dir wësst, dass mer du virun éischte Verhandlunge stoungen, fir déi nei Liberaliséierung ze maachen. Duerfir ass och déi Motioun zustane komm, déi ech selwer gewënscht hunn, fir nämlech och mir kënnen de Réck ze stäipen an Europa, fir ze soen, ech kéint wierklech net alles matmaachen. Mir sinn dunn am Dezember 2000 net eens ginn, obwuel mer ënner franséischer Présidence mam Statssekretär Pierret relativ no un engem Kompromëss dru waren, mä d'Ultraliberaliséierer an Europa an an der Kommissioun wollten dee Kompromëss vun der franséischer Présidence net unhuelen, deen ech deemools mat gedroen hätt.

An dat ass e Punkt, deen ech einfach hei wëll soen. Wann een an der Majorité qualifiée ass an et muss ee Kompromesser schléissen, da muss een dem Kompromëss dann zouschloen, wann de Kompromëss gutt ass, well wann een ze laang waart, da kann de Kompromëss méi schlecht ginn. Wann nämlech an engem Dossier, wéi deem heiten, duerch nei Regierungen, déi an de Conseil des Ministres kommen, Lëtzebuerg herno ganz eleng ass, da kritt Lëtzebuerg iwwerhaapt keen uerdentleche Kompromëss méi erausgeschloen.

***(Interruption)***

Net onbedéngt, Här Fayot. Do ginn et där enger wéi där anerer. Mam Här Pierret wousst ech, wat ech hat, a mat deem neie wousst ech nach net, wat ech hat. Obwuel ech mengen, dass ech mat deem neien, mat der Madame Fontaine, déi Dir jo gutt kennt, och eens gi wär.

Mä et weess een ni, wat kënnt. Et dierf ee just net an dat Schema verfalen, Här Fayot, dass ee mengt déi lénks Regierunge wären déi, déi géint d'Liberaliséierunge wären, an déi riets déi, déi duerfir wären.

Dat geet an Europa vill méi konterbosseg do.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Do sinn ech ganz mat Iech d'accord Här Biltgen, mä esou, wéi Dir et duergestallt hutt, huet et awer ausgesinn, wéi wann déi Ännerungen an de Regierungen dozou gefouert hätten, dass et méi liberal ginn ass.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.-* Neen, Här Fayot. Wat ech wollt soen, dat ass: Ech hat e Kompromëss ze maachen am Joer 2001. Ech wousst wie mer do gehollef huet, op wat fir ee Kompromëss ze kommen. Fir mech war dee Kompromëss dee Moment esou gutt, dass ech gesot hunn: Léiwer dee Kompromëss huelen, well du weess net, wat duerno kënnt, an da kriss de vläicht ni méi esou e gudde Kompromëss ugebueden, wéi deen heiten. Dat ass dann einfach och dat, wat e Minister muss an Europa maachen. Hie muss do seng Verantwortung huelen, an ech stinn och zu där Verantwortung. An ech mengen, dass dee Kompromëss, dee mer fonnt hunn, richteg ass.

Wat hu mer kritt? Mir hunn zwou Saache kritt. Mir hunn eppes kritt, wat insgesamt fir all Land zielt, nämlech dass 2009 net de Postsecteur automatesch liberaliséiert gëtt, mä dass dann d'Regierungen nach eng Kéier zesumme kommen. Deemno wat mat der Liberaliséierung geschitt, komme vläicht aner Länner och zur Iwwerleeung, dass net eng honnertprozenteg Liberaliséierung dat Bescht ass. Dat heescht: 2009 ginn d'Kaarte frësch gemëscht! A wat 2009 ass, dat weess nach keen. Mir si jo elo grad amgaang ze rätselen, wat soll 2005 sinn, mä 2009, «das ist ein weites Feld», wéi den Theodor Fontane geschriwwen hätt. Dat musse mer nach kucken, wat do kënnt. Also ass dat emol schonn eng éischt Garantie, dass mer elo wëssen, dass et net automatesch zu enger totaler Liberaliséierung kënnt no 2009.

Zweetens, an dat ass fir Lëtzebuerg wichteg, an dat ass eben de Kompromëss, dee mir fir Lëtzebuerg konnten eraushandele bei eise Kolleegen a bei der Kommissioun, ass et esou, dass mir d'Recht kréien, fir an de Services réservés, souwuel de Courrier transfrontière sortant wéi an därselwechter Limite de Publipostage mat eranzehuelen.

Dat ass de springende Punkt fir eis gewiescht, well de Service transfrontière sortant mécht zu Lëtzebuerg wäit iwwer 30% aus vun dem ganze Courrier vun der Post. Wann deen total liberaliséiert gëtt - an deene meeschte Länner gëtt en total liberaliséiert -, dann huet d'Post en décke Problem. Dat ass eng Exceptioun, déi mir hu misse fir Lëtzebuerg erreechen. Dat hu mir a villen Négociatiounen an a villen Interventiounen fäerdeg bruecht. An dat ass eppes, wou een huet missen zouschloen oder net, well dat hëlleft einfach der Post, déi Suen eranzekréien, fir dass hir Servicer kënnen esou restrukturéiert ginn, dass d'Post uerdentlech fonctionnéiert, an ouni dass awer d'Post elo op eemol ufänkt sech selwer sozial ze zerschloen.

A wann ech da kann och eng Chambre professionnelle zitéieren - et ass jo d'Chambre de Commerce schonn zitéiert ginn, et ass d'Chambre de Travail zitéiert ginn-, dann zitéieren ech d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi Folgendes schreift. Ech mengen, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics kann een net virwerfen, dass se ultra-liberal Tendenzen u sech hätt.

Déi Chamber schreift: «Quoi qu'il en soit, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics approuve à sa juste valeur que les représentants luxembourgeois dans le Conseil des Ministres, chargés des affaires postales, aient réussi le maintien dans les services réservés: 1) des envois de correspondance en provenance et à destination d'un Etat membre de l'Union européenne ou d'un pays tiers;» – «en provenance» ass awer falsch - „b) du matériel de publicité ou de marketing publipostage".

Et ass grad dat, wat mer gemaach hunn, an et ass och grad do, wou ech net ka mam Amendement vun dem ADR d'accord sinn. En Amendement, dee bei der Chambre de Commerce geknäipt ass. Ech kann deen einfach net akzeptéieren, well dat war fir eis e springende Punkt, dass mer just dat doten an de Services réservés bäibehalen.

***(Interruption)***

An deem Sënn, mengen ech, dass dat Gesetz, wat dee Kompromëss hei ëmsetzt, e gutt Gesetz ass, well mir liberaliséieren, ouni dass mir awer hei eis selwer e wichtegen Opérateur aus dem Terrain erausschloen.

Mir behalen eng Post, déi sech muss restrukturéieren. Och dat soll een net schlecht gesinn, dass d'Post net méi total de Monopol huet. Si muss sech jo da selwer a Fro stellen, selwer kucken, wéi se ka méi effikass schaffen. An ech mengen, dat huet se och an deene leschte Jore gemaach. Ech hunn all Vertrauen dran, dass eis Post et fäerdeg bréngt, ganz roueg sech esou ze transforméieren, ouni dass se och hiert Häerz an hiert Gesiicht verléiert. Mir sinn net gaang - an dat ass schonn hei gesot ginn op der Chamberstribün -, wéi an anere Länner, dass mer d'Post verkaaft hätten, oder dass mer d'Post an zwee gespléckt hätten. Mir si vill méi roueg un déi doten Dossieren erugaang. Ech mengen, d'Zäit huet eis Recht ginn.

Ech soen Iech merci, an ech hoffen, dass dee Projet eng grouss Majoritéit hei kritt.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5007 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 3 ass gelies.

Zum Artikel 3 ass en Amendement vum Här Fernand Greisen abruecht ginn.

Une voix.- Mir froen e Vote électronique.

M. le Président.- Jo, loosst mech wann ech glift fir d'éischt ausschwätzen.

***(Hilarité)***

Den Amendement ass verdeelt ginn a läit also textuell virun Iech, esou dass mer direkt kënnen driwwer ofstëmmen.

***Amendement 1***

***Vote***

Déi fir den Amendement vum ADR si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

Den Amendement ass verworf mat 51 Nee-, 6 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Norbert Haupert), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*S'est abstenu: M. Aly Jaerling.*

Domat ass den Artikel 3 an der virleiender Fassung ugeholl.

Mir fueren da weider.

D'Artikele 4 bis 13 si gelies an ugeholl.

Mir kéimen elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamte Gesetzesprojet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 34 Jo-, 18 Nee-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Nico Loes), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Ady Jung), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Claude Meisch), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Georges Wohlfart), Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera (par M. Jacques-Yves Henckes), Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Wat eis Aarbecht fir déi nächst Woch ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz haut de Moie getagt a schléit lech Folgendes vir:

D'Chamber siégéiert en Dënschdeg, de 17. Dezember, um dräi Auer, e Mëttwoch, den 18. Dezember, moies um néng Auer an nomëttes um halwer dräi, an en Donneschdeg, den 19. Dezember, moies um 9 Auer an nomëttes och um halwer dräi.

En Dënschdeg hu mer de Rapport complémentaire vun der Finanzkommissioun iwwert de Budget mat uschléissender Diskussioun an Ofstëmmung. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgesat.

E Mëttwoch de Moien an nomëttes hu mer:

1. de Projet de loi 5053 iwwert de Mindestloun, zesumme mat der Proposition de loi 4995 vum Här Lucien Lux;

2. de Projet de loi 4694, eng Direktiv iwwert den Détachement de travailleurs, nom Modell 1;

3. de Projet de loi 4825A a 4825B iwwert de Secteur Horesca, och nom Modell 2;

4. ënnert engem Punkt: de Projet de loi 4917, 4926 an 4923 iwwert de Bau an d'Moderniséierung vun Alters- a Fleegeheimer nom Modell 2. Insgesamt stinn deenen dräi Rapporteuren 30 Minutte Riedezäit zur Verfügung;

5. de Projet de loi 4927 iwwert de Recouvrement vu Steieren an anere Bäiträg nom Modell 1;

6. de Projet de loi 5016 iwwert de Kaf vun engem Verwaltungsgebai op der Escher Strooss hei an der Stad nom Modell 1;

7. de Projet de loi 5033 iwwert d'Organismes de placement collectif nom Modell 1. Hei stinn dem Rapporteur 20 Minutten zou.

Den Odre du jour gëtt ofgeschloss, och wann d'Sitzung no halwer siwe muss verlängert ginn. Ech mengen, dat versteet jiddfereen.

Da kënnt en Donneschdeg de Moien um 9 Auer a mëttes um halwer dräi fortlafend:

1. de Projet de loi 5052 iwwert d'Upassung vun de Renten;

2. de Projet de loi 4897 iwwert d'Verwaltungspersonal bei de Sozialversécherungen;

3. ënnert engem Punkt: de Projet de loi 4768, 4794 an 4903 iwwert den Artikel K.3 vum Traité iwwert d'Europäesch Unioun;

4. de Projet de loi 4933 iwwert d'Arméi;

5. de Projet de loi 5021 iwwer en Dokumentatiounszenter iwwert d'Resistenz;

6. de Projet de loi 5037: d'Vollmachte fir eise Grand-Duc nom Modell 1. Gläichzäiteg gëtt dem Här Alex Bodry seng Proposition de loi 5058 presentéiert, esou wéi et am Artikel 59 (3) vum Chamberreglement virgesinn ass.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Domat wiere mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 17.23 heures)***

**Chamber TV**

*um Réseau vun der Eltrona/Siemens (imagin) um Kanal S 40 / 455.25 MHz*

*um Réseau vun der Coditel um Kanal S 29*

## Ordre du jour

**1.** Communications

**2.** Retrait du rôle d'un projet de loi

**3.** Ordre du jour

**4.** Question urgente N° 1961 de M. Camille Gira relative au rapport intermédiaire général sur l'enquête de l'accident aérien du 6 novembre 2002

Question avec débat N° 27 de M. Marc Zanussi sur les réseaux ferroviaires internationaux passant par le Grand-Duché de Luxembourg

**5.** Ordre du jour *(suite)*

**6.** 5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003

*(Rapport complémentaire de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - suite - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motions)*

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mmes Marie-Josée Jacobs, Erna Hennicot-Schoepges, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Charles Goerens, Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.04 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

### 1. Communications

Folgend Kommunikatioune wollt ech der Chamber maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) A la demande du Ministre du Travail et de l'Emploi, Monsieur François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 12 décembre 2002, le

*- Projet de règlement grand-ducal N° 5069 concernant la formation et l'agrément des travailleurs désignés,*

et le

*- Projet de règlement grand-ducal N° 5070 concernant la formation et l'agrément des coordinateurs en matière de sécurité et de santé sur les chantiers temporaires ou mobiles.*

3) En date du 10 décembre 2002 deux pétitions ont été déposées à la Chambre des Députés:

- la pétition N° 244 du Comité des élèves du Lycée Technique du Centre relative au retour forcé des familles réfugiées, et

- la pétition N° 245 de l'ASTI relative à l'intégration dans le marché du travail.

4) Par lettre du 13 décembre 2002 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Greffe de la Chambre le texte des résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 18 au 21 novembre 2002:

- résolution sur les progrès réalisés par chacun des pays candidats sur la voie de l'adhésion;

- résolution sur la concentration des médias;

- résolution sur la communication de la Commission définissant un plan d'action communautaire pour l'intégration des exigences de la protection de l'environnement dans la politique commune de la pêche;

- résolution sur la prévention du tabagisme et des initiatives visant à renforcer la lutte antitabac;

- résolution sur la communication de la Commission concernant les sciences du vivant et la biotechnologie - une stratégie pour l'Europe.

### 2. Retrait du rôle d'un projet de loi

Op Ufro hi vun der Madame Erzéiungsminister huet d'Presidentekonferenz sech domat averstanen erkläert, de Projet de loi 4890 iwwert d'Schafung vun engem Service fir d'Gestioun vun den Infrastrukture bei de Schoulgebaier um Geesseknäppchen vum Rôle ze sträichen.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir hunn dann haut de Mëtten als éischte Punkt eng Question urgente Nummer 1961 vum Här Camille Gira iwwert den Tëscherapport vum Fligeraccident vum leschte 6. November. D'Regierung huet sech bereet erkläert, haut de Mëtten op dës Fro ze äntweren.

***(Interruption)***

Entschëllegt ee Moment, ech hat eppes iwwersinn. Den Här Lux hat d'Wuert nach gefrot. Den Här Lux huet d'Wuert.

### 3. Ordre du jour

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Här President, Kolleegen a Kolleeginnen, ech wollt zur Dagesuerdnung nach ee Wuert soen zum drëtte Punkt, mengen ech, dee mer muer sollten diskutéieren, de Projet de loi 4825 A a B iwwert den Horesca-Secteur.

Fir net elo an de Fong vun der Saach ze goen, wëll ech awer drop zréckkommen, dass sech dach awer an deene leschten Deeg e Malaise breet gemaach huet par rapport zu där Form wéi dee Projet, géif ech emol soen, an deene leschten dräi, véier Wochen hei innerhalb vun der Chamber behandelt ginn ass. Den 20. Juli stounge schonn eng Rei vu parlamentareschen Amendementë fest, ënner anerem deen, iwwert dee mer jo elo méi laang an hefteg diskutéiert hunn, deen de Prinzip consacréiert, dass duerch déi Aarbechtszäitverkierzung, déi hei an deem Secteur elo virgeholl gëtt, keng gläichzäiteg Lounreduzéierung däerf kommen. Mir hunn dorobber hin an der Kommissioun jo op eng net onbedéngt ganz würdeg Aart a Weis zweemol ee Vote gehat, well deen éischte schief ausgaangen ass a mir dunn de Vote nach eng Kéier widderholl hunn.

Mä wat virun allem de Problem ass, dat ass, dass d'Chambres professionnelles vum Salariat an och d'Gewerkschafte ganz rose sinn, géif ech bal soen, iwwert d'Aart a Weis, well se net méi d'Geleeënheet haten, am Laf vun deene leschte Wochen zu deenen Änneerungen, déi hei virgeholl gi sinn, och Stellung ze bezéien.

D'Chambre des Employés privés huet gëschter an engem ganz beharrleche Bréif un de Minister, awer och mat Kopie un de Parlamentspresident, sech driwwer opgereegt, dass deen eenzegen Avis, deen zu den Amendementë virläit, dee vun der Chambre de Commerce ass, mä déi aner zwou Kummeren net am Rahme vun der Prozedur nach eng Kéier gefrot gi sinn. An dat ass virun allem, mengen ech, onglécklech, well säit Mëtt Dezember d'lescht Joer dee Projet, deen hei virläit, largement op de Viraarbechte vun de Gewerkschafte baséiert.

Nun ass et esou, dass haut souwuel den OGB-L wéi den LCGB verlaangen, dass de Projet soll vun der Dagesuerdnung erofgeholl ginn, fir hinnen d'Geleeënheet ze ginn, och nach eng Kéier, wéi anerer, dozou kënne Stellung ze huelen. Ech weess, dass d'Chambre de Commerce sech selwer saiséiert huet. Déi ass net gefrot gi vum Parlament, se huet sech selwer saiséiert. Et wär gutt gewiescht dat ze maachen. Här Glesener, Dir sidd mat mer, mengen ech, do d'accord, well par rapport zu der Viraarbecht, déi d'Gewerkschafte gemaach hunn - an ech wëll dat och hei soen, ech wëll d'Méritë beim Zustanekomme vun dësem Gesetz vum Aarbechtsminister mol guer net a Fro stellen -, huet de Minister ëmmer däitlech gemaach, dass e sech largement inspiréiert huet op de Viraarbechte vun de Salariatsorganisatiounen, déi hei net méi konsultéiert gi sinn.

Mir sinn der Meenung, dass et richteg wär - besonnesch well keng Urgence besteet, dass dee Projet onbedéngt muss den 1. Januar 2003 a Kraaft sinn -, dass d'Chambres professionnelles alleguer solle saiséiert gi vun deem definitive Projet, esou wéi en amendéiert elo virläit. An dass mer dann Zäit hunn, och nach am Februar dee Projet hei ze stëmmen. Mä wéinstens musse mer dee Malaise aus de Féiss kréien, dass d'Gewerkschaften d'Gefill hunn, wéi wann elo iwwert hire Kapp ewech de Projet verschlechtert gi wär, an ech mengen dat war net d'Intentioun, déi hei dohannert stoung.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Jo, den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wollt et kuerz maachen zu der Propos vum Här Lux. Ech fanne seng Argumentatioun absolut richteg. A fir net alles nach eng Kéier ze widderhuelen, wollt ech soen, dass mir als gréng Fraktioun déi Demande do vun der LSAP ënnerstëtze wäerten. Mä vu dass ech hei uewe sinn, wëll ech an engems nach profitéieren, fir den Dépôt ze maache vun enger Motioun, déi ech gären hätt, datt se am Kader vun de Budgetsdebatten haut de Mëtten nach mat diskutéiert gëtt.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant l'accueil favorable qu'a connu la proposition de loi 4864 visant à favoriser les investissements à caractère éthique, solidaire ou écologique au moyen de la promotion mobilière (dépôt Monsieur François Bausch, le 13.11.2001) auprès de la presse, des milieux financiers et politiques;*

*- considérant l'effet positif de mesures favorisant les investissements éthiques et durables notamment en termes de développement durable et de solidarité;*

*- considérant le manque à gagner en termes d'image de marque de la place financière luxembourgeoise;*

*- considérant la pression économique pesant sur le secteur bancaire et le ralentissement actuel de la croissance auquel se trouve confrontée la place financière luxembourgeoise;*

*- considérant la nécessité de diversification et de développement d'activités financières alternatives qui s'ensuit;*

*invite le Gouvernement*

*- à reconsidérer la proposition de loi 4864 comme base pour l'élaboration de projets de loi introduisant des mesures visant à favoriser les investissements éthiques et durables au Luxembourg;*

*- à charger les administrations responsables de définir les critères éthiques, écologiques et sociaux à respecter par les projets ou entreprises pour que les investisseurs puissent sous certaines conditions bien définies profiter d'un abattement de revenu imposable;*

*- à charger les administrations responsables de définir les compétences, l'appartenance et la structure d'un service de certification pour projets, titres et participations éthiques et durables.*

*(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

M. le Président.- Den Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, ech wëll dann och dem Här Lux seng Propositioun ënnerstëtzen, well seng Argumentatioun ass ganz richteg.

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, den Aarbechtsminister wäert an zéng Minutten hei am Parlament antreffen, a vu dass e wëll Stellung huelen zu deem wat den Här Lux elo just proposéiert huet, géif ech lech bieden, dee Punkt hei zréckzestelle bis no der Question urgente. Da kann den Aarbechtsminister selwer Stellung huelen zu deem, wat den Här Lux gesot huet.

M. le Président.- Jo, ech mengen, dass d'Chamber domadder d'accord ass, wann den Här Minister de Mëtten erakënnt, dass deen da ka Stellung huelen ier mer décidéiere wéi et weider geet.

Elo kritt den Här Camille Gira d'Wuert, deen eng Question urgente iwwert den Zwëscherapport vum Fligeraccident gestallt huet. D'Regierung huet sech och bereet erkläert, haut de Mëtten dozou Stellung ze huelen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

### 4. Question urgente N° 1961 de M. Camille Gira relative au rapport intermédiaire général sur l'enquête de l'accident aérien du 6 novembre 2002

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mar gëtt et sechs Wochen, dass eng Fokker 50 vun der Luxair bei der Landung op de Flughafe Lëtzebuerg verongléckt ass. Zu dësem trageschen Accident ass villes gesot a geschriwwe ginn, wat richteg an treffend war. Et ass awer och vill spekuléiert ginn. An et gëtt nach ëmmer vill spekuléiert, ze vill, wéi mir mengen. Sécher ass jiddfereen, dee Spekulatiounen an d'Welt setzt, un éischter Stell selwer responsabel fir dat wat en do seet oder schreift. Mir sinn awer der Meenung, dass eng Rei Spekulatiounen awer och dorop zréckzeféiere sinn, dass net genuch Informatioune vun offizieller Säit no bausse gedroe si ginn. Sécher leeft eng Enquête judiciaire an déi een net kann agräifen. Et leeft awer och eng Enquête technique, ënnert der Responsabilitéit vum Transportministère.

Et ass net gutt, Här President, wann d'Leit hir Informatioune mussen an de „Spiegel" oder an de „Flight international" siche goen. Et ass net gutt, wann op eemol dat Gefill opkënnt, et wier déi implizéiert Fluggesellschaft, déi géif décidéieren, wéini, wou, wéi eng Informatiounen no bausse gedroe kënne ginn.

Dësen Accident ass zur nationaler Katastroph déclaréiert ginn. Mir sinn der Meenung, dass dann och d'Leit aus dem Land e Recht hunn um Lafende gehalen ze ginn, wat zu dëser Katastroph gefouert huet. Mir sinn der Meenung, dass dann och d'Chamber d'Recht huet um Lafende gehalen ze ginn. Mir sinn awer och der Meenung, dass no sechs Wochen déi Familljen, déi ee Mënsch an dëser Tragédie verluer hunn, e Recht hunn, wann och nach keng definitiv Konklusiounen, dach eng Rei objektiv Informatiounen iwwert de Virgang, deen zu dësem Accident gefouert huet, ze kréien.

Här President, et si sechs Wochen ëm, et brauch ee keng sechs Wochen, fir e Cockpit voice recorder ofzelauschteren. A sechs Woche kann ee ganz vill Informatiounen aus engem Flight recorder eraushuelen. Aus all dësen Ursaachen hunn ech dës Question urgente gestallt an ech si frou, dass den Här Grethen sech bereet erkläert huet, op dës Froen, esou wäit et him méiglech ass, ze äntweren.

Ech wär frou, wann en eis en Tëschebilan vun der Enquête technique kéint hei virleeën a souwäit, wéi gesot, wéi et méiglech ass, op eng Rei méi spezifesch Froen, déi ech him schréftlech era ginn hat, ze äntweren.

Déi éischt vun dëse Froe wär gewuer ze ginn, ween an där Entité d'enquête ass, déi am Gesetz vum 8. Mäerz 2002 iwwert d'Enquête technique virgesinn ass? Mech interesséieren do manner d'Nimm, mä éischter d'Fonctioun an d'Qualitéit opgrond vun där déi Leit do dra sinn. Ech wollt och froen an deem Kontext, ob et richteg ass, dass ee Pilot vun der Luxair an dëser Entité d'enquête mat dran ass?

Wa meng Recherchë richteg sinn - elo sinn ech bei der zweeter Fro -, hunn ech dee Règlement grand-ducal, deen eigentlech d'Kompositioun, de Fonctionnement an de geneeën Déroulement vun dëser Entité d'enquête virschreift, net fonnt. Ech mag dat iwwersinn hunn, mä wa meng Informatiounen elo richteg sinn, da wollt ech froen, opgrond vu wéi enger Base légale déi Aarbecht vun dëser Entité d'enquête vir sech geet?

Déi drëtt Fro ass folgend: Mir hu gesinn, dass relativ schnell déi restlech Fokker 50 vun der Luxair erëm hunn däerfe fléien. Heescht dat, dass ee kann dovun ausgoen, dass keng systematesch Cause technique un der Origine vun dësem Accident ass?

Da sinn, Här President, eng Rei Leit, déi eng Rei Theorien an d'Welt gesat hunn. Et ass dervu Rieds gaangen, de Fliger wier an e Schwaarm Vullen erageroden, aner

Leit hu behaapt, d'Motore wiere veräist. Ech wollt froen, ob an der Zwëschenzäit Informatioune virleien, déi entweder esou Theorië confirméieren oder infirméieren.

Da wollt ech eng Fro stellen zu där berühmter Ground-Idle-Positioun. Eng Rei Presseorganer hu behaapt, am Moment wou de Fliger op de Buedem opgeschloen hätt, hätten d'Moteuren an där Positioun gestan. Ech wollt froen, ob de Flight recorder dës Informatioune confirméiert? Wann dat esou ass, wat waren dann d'Ursaachen, déi d'Luxair an der Zäit dozou beweegt hunn, enger Recommandatioun vu Fokker net Rechnung ze droen, fir een Dispositif anzebauen, fir dass dës Positioun während dem Vol net méi kënnt enclenchéiert ginn?

Als nächst wollt ech de Minister froen, ob hie virgesäit dësen Dispositif zu Lëtzebuerg och obligatoresch ze maachen, esou wéi dat elo zënter dem 22. November 2002 an Däitschland zum Beispill de Fall ass.

Da si vill Leit, déi mat der Informatioun ronderëm ginn a soen, de Fliger hätt seng Descente net op sechs Meilen ugefaangen, esou wéi d'Prozeduren dat virgesinn, mä eréischt ongeféier zwou Meile méi spéit. Ech wollt froen, ob dës Informatioun éischtens richteg ass, an zweetens, wa se richteg ass, fënnt een um Cockpit voice recorder Informatioune firwat d'Beleegschaft dat do gemaach huet. Well déi do Prozedur ass wierklech net konform zu deem, wéi et misst geschéien, an dat ass och net ongefäierlech bei esou Wieder. An ech ka mer net virstellen, dass déi zwee Piloten dat do gemaach hunn, ouni dass se virdru matenee geschwat hunn, firwat se dat do géinge maachen.

Da wollt ech nach froen ob de Cockpit voice recorder iergendwellech aner Informatioune präisginn huet, déi iwwert den Oflaf vum Accident kënnen Opschloss ginn.

Schlussendlech nach eng Fro. Et ass behaapt ginn, de Cockpit voice recorder wier déi lescht 15 Sekonnen ausgefall, hätt dat net enregistréiert wat do geschwat ginn ass. Dat ass ee relativ seltene Phenomeen. Gëtt et do och schonn Erklärungen dofir?

An eng allerlescht Fro zu de Beamten, fir déi de Minister och responsabel ass. Ass et richteg, dass ee ka behaapten, dass d'Fluglotse keng Schold un dësem Accident hunn? Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Transportminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Fro gëtt mer d'Geleeënheet, nach eng Kéier an dëser Chamber un all déi Leit ze denken, déi bei deem trageschen Accident vum 6. November hiert Liewe verluer hunn, a mech nach eng Kéier virun hirem Undenken ze vernäipen a mäin déift Matgefill un all hir Familljememberen an un all hir Frënn auszedrécken.

Mäin zweete Gedanken, Här President, ass awer dann och fir déi Honnerte vu Leit - Beruffspompjeeë vum Flughafen, Fräiwëlleger, awer och all déi aner -, déi sech bei dësem Accident mustergülteg beholl hunn, an déi eng exemplaresch Aarbecht geleescht hunn, an et doduerch fäerdeg bruecht hunn, dass d'Konsequenze vun deem Accident, sou wäit wéi dat méiglech war, méi liicht a méi kleng gemaach konnte ginn.

Als Drëtt, Här President, wollt ech awer och soen, an den Här Gira huet dat schonn ervirgehuewen, et sinn zwou Enquêten amgaang: Eng Enquête judiciaire an eng Enquête technique. An d'Regierung wëllt op kee Fall, a géif dat och op kee Fall maachen, sech an déi Enquête judiciaire amëschen. D'Justiz, nom Prinzip vun der Gewaltentrennung, mécht hir Enquête esou, wéi si dat fir richteg fënnt. A mir wäerten d'Resultater vun där Enquête an aller Sérénitéit ofwaarden.

Compte tenu, Här President, vun der Komplexitéit vun deene Froen an och vun deenen Äntwerten, déi ech muss ginn, géif ech mer erlaben, Här President, Iech déi Äntwerten op d'Froen op franséisch virzedroen.

C'est à juste titre que la question fait référence à la loi du 8 mars 2002 sur les enquêtes techniques relatives aux accidents et aux incidents graves survenus dans les domaines de l'aviation civile, des transports maritimes et du chemin de fer.

Comme l'ensemble des règlements d'exécution de ladite loi, dont notamment le règlement grand-ducal sur la composition, le mode de fonctionnement ainsi que les critères de désignation des membres de l'entité d'enquête, n'était pas encore disponible au moment de l'accident, j'ai institué une commission d'enquête ad hoc.

A cette fin j'ai édicté un arrêté ministériel encore le jour même de l'accident, qui a été amendé le 15 novembre en vue d'être aligné en tout point aux errements prévus à cet effet par l'Annexe 13 de la Convention de l'Organisation de l'Aviation Civile Internationale (OACI) ayant précisément trait aux enquêtes sur les accidents et incidents d'aviation.

L'entité d'enquête ad hoc proprement dite est composée du directeur de l'Administration de l'Aéroport et d'un ingénieur de la Direction de l'Aviation Civile qui bénéficient du concours d'une équipe d'enquêteurs relevant du Bureau français d'enquêtes et d'analyses pour la sécurité de l'aviation civile, en abrégé BEA. La possibilité de cette coopération est explicitement prévue par l'article 4 de la loi du 8 mars 2002.

A sa demande la commission d'enquête s'est associé un délégué du Dutch Safety Board comme représentant accrédité de l'Etat néerlandais, pays constructeur. Par ailleurs, des observateurs ont été admis pour assister aux travaux d'enquête ; ce sont des représentants de la BFU (Bundesstelle für Flugunfalluntersuchung) et de l'ALPL (association luxembourgeoise des pilotes de ligne). Par ailleurs, Luxair a délégué comme experts deux pilotes et des responsables de la maintenance

Quant aux causes de l'accident, il appartient à l'enquête technique et à l'enquête judiciaire qui évoluent parallèlement, de déterminer celles-ci. Il est donc prématuré de s'y prononcer à l'heure actuelle. Toutefois, l'article 7 de la loi précitée prévoit que *« l'entité peut émettre des recommandations de sécurité, si elle estime que leur mise en œuvre dans des délais brefs est de nature à prévenir un autre accident ou incident grave ».* Dans le cas de l'espèce une recommandation déconseillant le maintien en service des autres Fokker 50 de Luxair n'a pas été formulée par la commission d'enquête.

Au stade actuel des investigations il est établi que ni des oiseaux, ni le givrage des moteurs n'ont été à l'origine de la perte de puissance des engins. Les indications diffusées par la presse selon lesquelles les moteurs se seraient trouvés dans la position « Ground Idle », c'est-à-dire dans une position servant pour les déplacements au sol, ne sont pas exactes.

En fait les investigations en cours retiennent qu'au moment de l'impact l'hélice gauche se trouvait en position mode drapeau (position de la moindre traînée aérodynamique) et celle de droite en position reverse (position de freinage).

Luxair a confirmé avoir, en 1994, reçu de la part du constructeur Fokker un Service Bulletin qui informait de la possibilité d'un déclenchement intempestif des verrous pouvant conduire au déverrouillage en vol de la position Flight Idle Stop. La modification proposée avait un caractère purement optionnel. Il faut savoir que les compagnies aériennes sont régulièrement destinataires d'informations, de recommandations et de directives de la part des constructeurs et équipementiers aériens. Ces communications répondent à une hiérarchie clairement identifiée qui s'établit comme suit :

obligatoire,

recommandé,

optionnel (à la discrétion des exploitants).

La communication de 1994 se situe donc tout au bas de cette échelle. Les progrès de l'investigation menée à la suite de l'accident du 6 novembre ont incité Fokker à recommander deux actions, dont cette modification. Le constructeur néerlandais a été relayé en cela par la commission d'enquête qui a, à son tour, recommandé aux autorités aériennes, en l'occurrence la Direction de l'Aviation Civile, d'émettre d'abord une consigne opérationnelle et ensuite une consigne de navigabilité visant à rendre obligatoire la modification du boîtier Anti-Skid des Fokker 50 exploités par Luxair.

Ces recommandations ont été transposées par la Direction de l'Aviation Civile les 18 et 29 novembre 2002. Informée parallèlement de cette recommandation Luxair avait déjà procédé à l'adaptation technique en question entre le 16 et 22 novembre. Il convient de souligner qu'il s'agit ici d'une mesure préventive prise à l'initiative de la commission d'enquête au moment où celle-ci entamait la partie technique de ses investigations.

La mise en descente de l'avion a été tardive. Les circonstances et les raisons de cette mise en descente tardive sont en cours d'examen.

En l'absence d'alimentation en courant les dernières secondes du vol n'ont pas été enregistrées.

Aucun élément de l'enquête technique actuellement disponible ne paraît mettre en cause le service du contrôle de la circulation aérienne.

En conclusion, je tiens à ajouter qu'au début de l'année prochaine la commission d'enquête compte rendre public un rapport intermédiaire ne comportant que des éléments purement factuels. Le rapport final ne sera probablement pas disponible avant l'automne 2003. En effet, nombre de vérifications qui restent à faire ne sont souvent possibles qu'auprès des équipementiers, le site de production même. Parallèlement l'exploitation du cockpit voice recorder ne se limite pas uniquement à la conversation de l'équipage, mais elle permet également la reconstitution de certains actes effectués par les pilotes grâce à l'interprétation des bruits enregistrés lors de l'enclenchement d'instruments ou les émissions des témoins sonores. Les informations qu'il est possible de recueillir de la façon constitueront des éléments très utiles pour reconstituer pour partie les circonstances de l'accident et pour en conclure sur les facteurs déterminants à son origine.

L'état actuel de l'enquête ne permet pas encore de se prononcer de façon positive sur les causes de l'accident. En tout état de cause je tiendrai informés la Chambre des Députés et le public de l'évolution de l'enquête au fur et à mesure que des analyses consolidées me parviendront de la part de la commission d'enquête.



A titre de documentation je me permets, Monsieur le Président, de vous remettre avec le texte de ma réponse

l'arrêté ministériel du 6 novembre 2002 instituant la commission d'enquête, amendé le 15 novembre 2002,

les deux communiqués de presse diffusés par la commission d'enquête, ensemble avec les autorités judiciaires, les 8 et 25 novembre 2002,

les recommandations de sécurité délivrées par la Direction de l'Aviation Civile les 18 et 29 novembre 2002 concernant l'adaptation du boîtier Anti-Skid dont sont équipés les Fokker 50.

Merci, Monsieur le Président.

M. le Président.- Den Här Minister wollt och nach op d'Question avec débat N° 27 vum Här Marc Zanussi äntweren, déi folgende Wuertlaut huet:

## Question avec débat N° 27 de M. Marc Zanussi sur les réseaux ferroviaires internationaux passant par le Grand-Duché de Luxembourg

La décision de supprimer la paire de trains de nuit reliant Bruxelles à Milan via Luxembourg à partir du 15 décembre prochain illustre le risque que notre pays court de se voir de plus en plus isolé des grands réseaux ferroviaires internationaux. Malheureusement, la suppression de la ligne précitée risque de ne pas être un cas unique si des efforts conséquents au niveau international ne sont pas effectués. En effet, la ligne de chemin de fer Bruxelles-Luxembourg-Strasbourg, qui se trouve dans un état déplorable à beaucoup de niveaux, risque de subir le même sort, surtout si l'on considère que bientôt il sera plus intéressant de voyager en Thalys de Bruxelles vers Paris et ensuite de poursuivre en TGV jusqu'à Strasbourg.

La question qui s'impose est celle de savoir comment le Gouvernement luxembourgeois compte assumer ses responsabilités en la matière afin d'éviter un isolement de notre pays des réseaux ferroviaires internationaux.

Y a-t-il des discussions en cours à un niveau supranational, notamment entre ministres luxembourgeois, français et belges?

Ne serait-il pas indispensable d'élaborer un concept international pour les grands réseaux ferroviaires européens tout en essayant de ternir compte des intérêts particuliers des différents pays concernés?

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Monsieur le Président, si vous le permettez, je voudrais vous remettre ma réponse à cette question avec débat de Monsieur le Député Marc Zanussi. Je vous ferai l'économie de ma réponse qui comporte huit pages.

1. Réponse ministérielle

La question de l'honorable député se rapporte à la connexion ferroviaire du Grand-Duché de Luxembourg au réseau ferroviaire international.

Point n'est besoin de rappeler qu'une préoccupation majeure de la politique ferroviaire des Gouvernements successifs a été et reste l'intérêt de bonnes relations de chemins de fer avec les principaux centres d'activités qui entourent notre pays.

Dans cet ordre d'idées le projet d'électrification de la ligne Luxembourg - Liège a pu être finalisé le 25 mai 2000.

Le 28 janvier 2002 j'ai signé avec mon homologue français l'accord franco-luxembourgeois sur le raccordement de Luxembourg au TGV Est-Européen permettant d'aller à partir de 2006/2007 à Paris en 2.15 heures contre 3.30 heures actuellement. Cet accord ouvre par ailleurs, à l'horizon de la réalisation de la deuxième phase du projet, la perspective de ramener le temps de parcours entre Luxembourg et Strasbourg de 2.05 heures à 1.25 heures.

Dans cette lignée il faut également mentionner les efforts des CFL pour créer un service d'apport par autobus pour les trains IC allemand au départ et à l'arrivée en gare de Sarrebruck ou encore la création d'une relation ferroviaire directe entre Luxembourg et Francfort.

Quant à la relation Luxembourg - Bruxelles pourtant essentielle dans cette mosaïque, les choses traînent en l'absence de volonté politique du côté belge d'investir massivement dans une ligne ferroviaire au tracé tortueux et à la qualité technique défaillante. Dès mon entrée en fonction j'ai confirmé la proposition de mes prédécesseurs d'un concours financier luxembourgeois aux travaux indispensables pour rendre cette ligne compétitive tant vis-à-vis de la voiture particulière entre Bruxelles et Luxembourg que vis-à-vis d'autres itinéraires ferroviaires alternatifs pour rejoindre à partir de la Belgique le Sud de l'Europe.

Mes initiatives n'ont jusqu'à présent pas connu plus de succès concret que celles de mes prédécesseurs.

La raison majeure du mutisme belge me semble tenir à la rentabilité défaillante des investissements infrastructurels requis selon les critères appliqués par la SNCB face à un potentiel voyageurs limité sur la relation.

L'occasion d'une nouvelle initiative luxembourgeoise pour relancer le dossier s'offre maintenant dans le cadre des travaux du groupe à haut niveau „réseau transeuropéen" qui vient d'être institué par la Commission Européenne, pour actualiser les décisions prises au Sommet Européen d'Essen en décembre 1994. Il faut toutefois tempérer d'emblée les espoirs d'arriver rapidement à un accord, car l'attention essentielle du groupe à haut niveau sera réservée dans ce contexte à l'extension vers l'Est des réseaux transeuropéens identifiés par les instances communautaires au cours de la dernière décennie.

2. Eléments d'information complémentaires

(position du réseau ferroviaire luxembourgeois face aux réseaux ferroviaires internationaux)

Le Gouvernement luxembourgeois entend assurer le désenclavement du Grand-Duché par rapport au réseau européen de la grande vitesse ferroviaire dont les premiers maillons internationaux ont été mis en place au cours des derniers dix ans.

Dans ce contexte une importance première revient à la relation Luxembourg - Bruxelles au même titre qu'aux relations vers Paris et vers Strasbourg souhaitées dans le cadre de la mise en place du TGV Est.

Il me semble en particulier important de considérer les relations vers Bruxelles et vers Strasbourg comme faisant partie intégrante d'un seul et même corridor ne reliant pas seulement les trois villes-sièges d'institutions européennes, mais créant en plus un axe confortable entre le Benelux et l'Est de la France avec des prolongations possibles vers le Sud de l'Allemagne, la Suisse et l'Italie du Nord ainsi que, dans la perspective du TGV Rhin-Rhône, vers la Vallée du Rhône et la Méditerranée.

Devant cette toile de fond le Gouvernement s'efforce de trouver un point de vue commun entre la France et la Belgique pour définir la technique à privilégier pour exploiter la relation Bruxelles - Luxembourg - Strasbourg sans rupture de charge à Luxembourg.

I) relation Bruxelles - Luxembourg - Strasbourg

L'amélioration de la relation par chemin de fer entre Bruxelles, Luxembourg et Strasbourg compte ainsi parmi les objectifs privilégiés que le Gouvernement s'est posés en matière de raccordement de notre pays aux réseaux transeuropéens.

C'est pourquoi mes contacts pris dès automne 1999 avec mes homologues belge et français ont conduit à l'institution début 2000 d'un groupe de travail belgo-franco-luxembourgeois dont la présidence est assumée par les CFL. La mission de ce groupe de travail consiste

- à préconiser des mesures d'amélioration de la desserte à court et à moyen terme notamment en ce qui concerne la qualité du matériel roulant et l'amélioration du temps de parcours;
- à concevoir des solutions à plus long terme englobant les aspects infrastructure et mode d'exploitation et confrontant les hypothèses d'une exploitation au moyen de matériel classique et d'une desserte par des trains pendulaires.

A partir de mai 2000, la section Bruxelles - Luxembourg est assurée en majeure partie par un matériel moderne climatisé du type AM 96 qui a relevé de façon substantielle le confort.

La SNCB s'est engagée à examiner une diminution du temps de parcours grâce à une réduction de la durée d'arrêt dans les gares desservies. Une analyse correspondante a eu lieu au Luxembourg et en France. Parallèlement l'amélioration de la section Luxembourg - Strasbourg fait également l'objet des négociations en cours sur le raccordement du Grand-Duché au TGV Est-Européen.

Cette concertation a permis de projeter différentes améliorations à partir du changement d'horaire du 10 juin 2000.

Plusieurs des trains internationaux circulant entre Bruxelles et Luxembourg ont vu leur temps de parcours réduit entre 5 et 15 minutes, gain pourtant atténué dans une première étape par les ralentissements de quelque 6 minutes à la suite de l'ouverture de plusieurs chantiers d'envergure sur la partie belge de la ligne.

Entre Luxembourg et Strasbourg l'offre sera à la même échéance rendue plus attrayante grâce à la mise au point de meilleures correspondances à Metz entre les trains régionaux Luxembourg - Metz - Nancy et les trains à destination de Strasbourg et de la Suisse.

II) Bruxelles - Luxembourg

En ce qui concerne plus particulièrement la section Bruxelles - Luxembourg, le Gouvernement luxembourgeois a signalé depuis belle lurette aux autorités belges sa disponibilité pour contribuer, dans des conditions et propositions qui restent à déterminer, au financement requis.

Mis à part l'accord de principe du Gouvernement luxembourgeois de participer au financement des travaux d'aménagement côté belge, aucun montant concret n'a encore été avancé dont l'ordre de grandeur sera en tout état de cause fonction des engagements belges sur la portée et la qualité des investissements dans l'infrastructure et dans le concept d'exploitation.

Lors de l'entrevue à Bruxelles le 7 novembre 2001, une délégation luxembourgeoise, composée de représentants de mon département et des CFL, a été informée que le plan décennal de la SNCB prévoit la mise à 4 voies du tronçon de ligne Bruxelles - Ottignies et que par ailleurs, la construction d'une ligne nouvelle Ottignies - Gosselies le long de l'autoroute E 411, passant par Daussoulx avec une gare de correspondance à Rhines est prévue. Comme l'axe de l'infrastructure projetée s'orientera directement sur Charleroi, le raccordement de la ligne nouvelle sur l'axe existant Namur - Luxembourg ne pourra se faire que suite à la construction d'un nouveau pont sur la Meuse et d'une ligne de raccordement d'une dizaine de kilomètres dont le coût de réalisation est jugé prohibitif par les autorités belges.

Même si les travaux d'aménagement de la ligne à partir de Bruxelles jusqu'à la hauteur de Namur, ainsi que le report du trafic marchandises sur l'axe Athus - Meuse à partir de 2002, comportent un effort de décongestion de l'axe Bruxelles - Luxembourg, le tronçon de ligne nouvelle projeté entre Ottignies et Rhines sans connexion avec la ligne ferroviaire existante à la hauteur de Namur ne saurait être considéré comme faisant partie des mesures d'amélioration de l'axe de chemin de fer entre Bruxelles et Luxembourg.

Selon les informations obtenues de la part des CFL les investissements en infrastructure sur les lignes 161 et 162 existantes et qui sont nécessaires en vue de permettre une réduction des temps de parcours sont du même ordre de grandeur que l'on envisage l'amélioration du tracé actuel pour la circulation de matériel pendulaire ou que l'on procède à la rectification du tracé actuel pour la circulation de matériel classique à 160 km/h. Ces investissements se situent aux alentours de 285 millions € ou 250 millions € (avec ou sans la réélectrification de la ligne entre Bruxelles et la frontière luxembourgeoise, le remplacement des caténaires devant intervenir au plus tard à l'horizon 2016).

Ces investissements comportent une partie fonctionnelle qui doit de toute manière être effectuée pour assurer l'entretien des infrastructures (entretien constructif de l'ordre de 175 à 200 millions €) et une partie „extension de capacité" plus spécifique liée à la réduction des temps de parcours de l'ordre de 75 à 85 millions €.

Etant donné que le Luxembourg ne sera en aucun cas concerné par l'entretien du réseau belge, notre apport financier présenterait, le cas échéant, une partie du financement des 75 à 85 millions nécessaires en vue d'une réduction des temps de parcours.

Etant donné que lors de l'entrevue à Bruxelles le 7 novembre dernier, la question d'une contribution du Luxembourg n'a pas été touchée par la délégation belge et que selon des informations officieuses, le Gouvernement belge n'aurait pas encore arrêté définitivement l'ampleur et l'échéancier concrets des travaux de modernisation relatifs à la ligne Namur - Luxembourg, il me semble utile de continuer les négociations dans la lignée des procédures arrêtées le 7 novembre 2001 à Bruxelles en mettant en présence du côté belge le cabinet de Madame la Ministre Durant, la Direction des Transports Terrestre et la SNCB et du côté luxembourgeois le Ministère des Transports et la direction générale des CFL.

Cette approche ne devrait pas nous empêcher de mettre à profit toutes les opportunités qui se présentent pour tenir éveillée la sensibilisation pour la question de tous les échelons institutionnels belges.

III) Ligne Luxembourg - Liège

Avec le concours financier de 10 millions ECU de la part de la Commission Européenne et une contribution luxembourgeoise de 3,75 millions , la ligne électrifiée a été mise en service officiellement en date du 25 mai 2000. Parallèlement les CFL ont été invités de se concerter avec la SNCB pour mettre au point à court terme un concept d'exploitation tenant compte:

- de la perte d'intérêt du noeud ferroviaire de Coblence comme accès luxembourgeois au réseau ferré allemand à la suite de la réalisation en cours d'une ligne nouvelle entre Cologne et Francfort sur les hauteurs de la rive droite du Rhin. En effet, l'achèvement des travaux de modernisation et d'électrification de la ligne du Nord en territoire belge ouvre la double perspective, au-delà d'une bonne relation ferroviaire entre Luxembourg et Liège à travers les Ardennes, d'une ligne d'apport au TGV-Nord avec un nouvel accès vers l'Allemagne du Nord et, dans une étape ultérieure, la possibilité éventuelle d'un entremaillage du TGV-Nord et du TGV-Est entre Liège et Metz passant par Luxembourg;
- de la nécessité de désenclaver la région par rapport aux centres d'activités avec Liège au Nord, Diekirch-Ettelbruck au Centre et Luxembourg au Sud;
- des potentialités de la ligne pour la mise en valeur touristique des Ardennes.

IV) TGV Est-Européen

1. L'historique du dossier

Lors de l'entrevue du 8 septembre 1999 à Paris, j'étais tombé d'accord avec le Ministre français des Transports de l'époque, Monsieur Gayssot, pour poursuivre la négociation sur les conditions du raccordement du Luxembourg au TGV Est-européen sur base des arrangements antérieurement arrêtés en la matière.

- Les arrangements trouvés dès 1989 entre le Ministre des Transports de l'époque et le délégué du Gouvernement français prévoyaient une participation financière du Luxembourg (450 Mio FRF) au TGV-Est et l'engagement français
- de créer une ligne nouvelle entre la périphérie de Paris et le Nord de Strasbourg permettant une vitesse de 350 km/h avec un raccordement vers Metz - Luxembourg dans la Vallée de la Moselle et un autre raccordement de la ligne Metz - Strasbourg à la ligne nouvelle près de la localité lorraine de Baudrecourt;
- de mettre Paris - Luxembourg à 2.15 hrs (contre 3.30 hrs actuellement) et Strasbourg - Luxembourg à 1.25 hrs (contre 2.05 hrs actuellement);
- de moderniser la partie française de la ligne existante Metz - Luxembourg;
- de prévoir pour les deux relations une desserte journalière assurée par 2 x 4 paires de TGV exploités au risque commercial de la SNCF.

Ces arrangements ont été confirmés formellement dans le protocole d'accord signé le 17 septembre 1992 par les deux Ministres des Transports français et luxembourgeois.

- L'évolution que le projet a connu sous le précédent Gouvernement se résume dans les 2 aspects suivants:

1° En présence d'une rentabilité limitée des investissements le projet a subi plusieurs réductions faisant qu'en définitive la première phase de réalisation du projet se réduit à la construction d'une ligne nouvelle entre la région parisienne et la localité lorraine de Baudrecourt, amputant le Luxembourg du bénéfice d'une relation Grande Vitesse Luxembourg - Strasbourg avant la réalisation du second tronçon résiduel, qui fera l'objet de la 2e phase de mise en œuvre du projet.

2° L'investissement s'avérant selon les devis successifs plus important que les estimations de fin des années 80 / début années 90, le Gouvernement français a demandé au Luxembourg d'augmenter sa mise de 450 (actualisé à quelque 550 Mio FRF en 2001) à 770 Mio FRF parallèlement à l'accord des collectivités régionales françaises pour revoir leur participation à la hausse dans un même ordre de grandeur, demande à laquelle le Gouvernement luxembourgeois a répondu positivement en janvier 1999.

- Après l'aboutissement des négociations, le Gouvernement luxembourgeois a approuvé l'accord le 25 janvier 2002 qui a été signé le 28 janvier 2002.

2. La consistance et les modalités de réalisation du raccordement

- Le Luxembourg participe à la construction d'une ligne nouvelle à grande vitesse entre Vaires-sur-Marne (Ile de France) et Baudrecourt (Lorraine). Cette ligne nouvelle autorisera une vitesse potentielle maximale de 350 km/h, une vitesse d'exploitation maximale de 320 km/h étant prévue lors de la mise en service en 2007.
- La ligne ferroviaire existante Metz - Luxembourg sera aménagée pour en améliorer la vitesse, la sécurité et l'exploitation.
- La desserte Paris - Luxembourg comportera au moins quatre aller-retours quotidiens sans rupture de charge.
- Dès la réalisation de la première phase du TGV Est-européen, le temps de parcours pour ces quatre aller-retours entre Paris et Luxembourg sera au plus de 2 heures et 15 minutes, y inclus la durée des arrêts intermédiaires.
- Dans le cadre de la première phase du TGV Est-européen, la desserte entre Luxembourg et Strasbourg sera assurée par des trains classiques. La desserte comportera au moins quatre aller-retours quotidiens sans rupture de charge avec des temps de parcours de 2 heures et 5 minutes.
- Après la réalisation de la seconde phase du TGV Est-Européen, la desserte entre Luxembourg et Strasbourg sera assurée par des rames TGV avec des temps de parcours de 1 heure et 25 minutes et au moins quatre aller-retours quotidiens sans rupture de charge.
- Le risque commercial de l'exploitation du TGV Est-Européen sera supporté intégralement par la partie française.

3. La contribution financière du Grand-Duché

- Sous réserve de l'approbation préalable de la Chambre des Députés, le Gouvernement luxembourgeois apportera au Gouvernement français une contribution financière de 117.386.000 € aux conditions économiques de juin 1997, constituant une contribution forfaitaire pour l'ensemble du projet. Le Gouvernement français renonce expressément à demander au Gouvernement luxembourgeois une quelconque contribution supplémentaire pour la réalisation de la 2e phase du projet.
- La contribution financière du Grand-Duché de Luxembourg fera l'objet d'appels de fonds mensuels émis par le Gouvernement français.
- Les dépenses y relatives sont déjà prévues dans la programmation pluriannuelle du Fonds des raccordements ferroviaires internationaux.

Le protocole prévoit que si la réalisation du TGV Est-européen est abandonnée en cours d'exécution ou ne peut pas se faire en conformité avec les stipulations essentielles du protocole, le Gouvernement français remboursera au Gouvernement luxembourgeois l'intégralité des fonds versés par ce dernier.

4. La signature du protocole d'accord

Les négociations concernant l'accord sur le raccordement du Grand-Duché de Luxembourg au TGV Est-Européen ont abouti au mois de décembre 2001.

Le protocole d'accord entre les Gouvernements français et luxembourgeois a été signé par les deux Ministres des Transports lors du lancement des travaux de génie civil de la nouvelle ligne à grande vitesse le 28 janvier 2002 à Saint-Epvre (Moselle).

5. Projet de loi

Le projet de loi sur le raccordement du Grand-Duché de Luxembourg au TGV Est-Européen a été approuvé par le Conseil de Gouvernement en date du 22 mars 2002.

Le Conseil d'Etat a été saisi du dossier le 5 avril 2002, et le projet de loi a été déposé à la Chambre des Députés le 18 avril 2002.

V) Desserte Luxembourg - Allemagne au 15 décembre 2002

Suite aux réunions menées par les CFL avec les représentants de la DB concernant la nouvelle desserte entre le Luxembourg et l'Allemagne, je suis en mesure de vous informer que les relations ferroviaires entre l'Allemagne et le Luxembourg changeront comme suit à partir du changement d'horaire du 15 décembre 2002:

- augmentation de la desserte actuelle de trois à quatre trains journaliers aller/retour sur la relation entre Luxembourg - Trèves - Cologne - Münster;
- mise en service d'un train direct Luxembourg - Francfort aller/retour.

Cette nouvelle desserte sera mieux adaptée aux besoins des voyageurs luxembourgeois à destination de l'Allemagne, tout en étant conscient du fait que ces trains, comme d'ailleurs tous les trains internationaux, circulent en autonomie commerciale des CFL, mise à part une indemnisation étatique pour les trains internationaux avec lesquels les CFL concourent à la desserte des relations intérieures et les relations transfrontalières régionales.

Les choses sont donc en train de bouger dans le bon sens, même si je souhaite qu'elles bougent un peu plus rapidement.

M. le Président.- Da wär domadder dee Punkt ofgeschloss a mir kéimen zréck bei eisen Ordre du jour.

Den Här Minister Biltgen ass elo agetraff. Den Här Lux huet eng Propositioun gemaach; mir wäre frou wann de Minister vläicht dozou elo géing Stellung huelen, ier mir géingen zu enger Décisioun iwwergoen. Den Här Minister Biltgen huet d'Wuert.

## 5. Ordre du jour (suite)

M. François Biltgen, *Ministre aux Relations avec le Parlement.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech konnt iwwert d'Chamber-TV zum Deel verfollegen, wat den Här Lux gesot huet. Et ass effektiv esou, dass - mä dat ass an dëser Zäit net aneschters üblech - elo a Gewerkschaftskreeser Opreegung ass an och an anere Kreeser, iwwert en Amendement, deen net en Amendement zu deem Projet de loi, deem sou genannten Horesca-Projet de loi ass, mä en Amendement - deen net iwwert d'Regierung erakomm ass an och net iwwert d'Regierung erauskomm ass -, mä deen iwwert d'Chamber eran an eraus komm ass; dat wëllt dat soen. Well een den Historique e bësselche muss

maachen, fir ze verstoen, dass awer hei - och wann ech verstinn dass Opreegung ass, besonnesch wéinst deem ganze Medierummel ronderëm, ëm den Eran an Eraus vun deem Amendement -, de Fong insgesamt manner schlëmm ass. An och dat bréngt mech dozou, lech ze bieden, dee Projet um Ordre du jour ze loossen, an deen Ordre du jour ze stëmmen.

Iwwregens ass et jo esou, dass deen Amendement, deen iwwert d'Kommissioun erakomm ass an erauskomm ass, aviséiert ass vum Statsrot, dat heescht wann eng parlamentaresch Majoritéit sech muer hei géif fannen, fir deen erëm eranzesetzen, da wär et un der Majoritéit, fir dat ze maachen.

Ëm wat geet et? Ech wëll erënneren, dass d'70er Gesetz gesot huet, d'Sozialpartner misste sech eens ginn, d'Aarbechtszäit an deem sou genanntenen Horesca-Secteur ze regelen. Dat ass net geschitt. A wéi ech jonke Minister gi sinn, hunn ech dunn e Projet de loi ausgeschafft, an ech hunn dee bilateral ausgeschafft, engersäits mat de Gewerkschafte verhandelt an anerersäits mat der Horesca. An dee leschten Entworf, deen ech gemaach hunn, deen huet och bei jiddferengem eng grosso modo Zoustëmmung fonnt.

Iwwert dee Punkt, deen elo am Artikel 12 oder 10 - wat och ëmmer zum Schluss war - dra stoung, ass ni verhandelt ginn. Ech muss dat och ganz däitlech soen. Ech hunn haut an der Zéitung gelies - ech huelen un, dass ech dee Bréif och dann eng Kéier kréien -, dass den OGB-L seet, dat wär en antisoziaalt Gesetz.

Dat heite Gesetz, de Projet wéi en elo virläit, dee geet méi wäit de Salariéen entgéint wéi mäin urspréngleche Projet, deen awer ëmmer vum OGB-L, an och vun de Salariatskummeren, an och vum LCGB selbstverständlech, gelueft gouf.

Sou dass een dat mol erëm muss an dee richtege Bléckwénkel hei stellen . Et ass net, dass dee Projet herno verschlechtert gi wär en cours de route, dat soen ech lech; dat hätt ech och net gären zougelooss. Dofir hätt ech scho gekämpft, dass dat net soll geschéien.

Dunn ass an der Chamberkommissioun en Amendement - an den Här Lux war mat à l'origine - ugeholl ginn, dee Folgendes seet: Wann de Loun, deen ee virum Gesetz hat, nom Gesetz op Grond vun der 40-Stonne-Woch, déi mir elo aféieren, erofgesat gëtt, da geet dat net. Also en däerf net erofgesat ginn, et sief dann, d'Prozedur vum Artikel 37 géif respektéiert ginn.

Den Artikel 37 vum Aarbechtskontraktgesetz seet, wa mir en présence si vun enger „modification substantielle d'une clause essentielle du contrat", déi en défaveur vum Salarié ofgeännert gëtt, da muss een de Préavis, wéi bei enger Kënnegung anhalen. Wann de Salarié dat akzeptéiert no dem Préavis, dann ass et gutt. Wann en et net akzeptéiert nom Préavis, dann ass en entlooss. An e ka selbstverständlech de Patron usichen, op Grond vun där Entloossung.

Deen Amendement ass vun der Kommissioun komm. An ech hu mech deem Amendement net opposéiert, well nämlech just dat doten och fir mech nach haut den Droit commun ass. Ob mir dat an d'Gesetz schreiwen oder net, ass dat fir mech den Droit commun. Iwwregens huet de Statsrot dat och geschriwwen a sengem Avis complémentaire, wou e schréift: „La seule diminution du nombre d'heures en application de la loi sous avis, disposant d'une réduction de la durée de travail, ne constitue pas une modification du contrat de travail. Par contre, la rémunération contractuelle constitue une clause essentielle du contrat de travail qui ne peut être modifié, même de façon minime, sans l'accord du salarié. Pour toute modification en défaveur du salarié, l'employeur est donc tenu d'appliquer la procédure visée à l'article 37. Le Conseil d'Etat s'interroge donc sur la portée de cet ajout dans le texte de la loi, qui ne devrait pouvoir en aucun cas dispenser l'employeur de justifier le caractère réel et sérieux des motifs à la base de la modification."

Dat heescht, de Statsrot seet: Wat soll deen doten Artikel méi bréngen? Dir hutt et souwisou. Dorophin ass dunn d'Chamberkommissioun higaangen a se huet den Artikel erëm erausgeholl. Och domadder kann ech liewen, well et fir mech awer, op d'mannst gläichwäerteg, datselwecht bréngt wéi virdrun. Sou dass ech hei net agesinn, dass duerch den Amendement, deen eran an erëm erauskomm ass, eng Verschlechterung vum Gesetz hisiichtlech de Salariéen agetruede wär.

Ech verstinn dass Opreegung ass, an déi Opreegung kënnt ënner anerem vir - an dat ass ee Feeler, dee rechnen ech mir och gären zou - well mir vergiess hunn, obwuel et Amendements parlementaires waren a keng Amendements gouvernementaux, de Chambres professionnelles déi och nach eng Kéier zouzestellen.

Dat ass iwwerhaapt e Problem mat deem ech als Parlamentsminister vill gehäit sinn. Heiansdo vergiessen ech se och. Ech sinn och hannert menge Kolleege fir et ze maachen. Ech géif dann en Appel maachen als Parlamentsminister un d'Chamber, dass vläicht d'Amendements parlementaires automatesch géife vun der Chamber weidergi ginn. An ech versichen datselwecht - mat menge Regierungskolleegen - un d'Chambres professionnelles ze maachen.

Mä nach eng Kéier, dat hei ass e Gesetz wat wichteg ass, wat mat der 40-Stonne-Woch den 1. Januar soll ufänken an enger ganzer Rei vu Betriber. Ech géif et schued fannen, wann dat Gesetz elo, net nëmmen e puer Deeg, mä eventuell e Joer géif schleefen, well et schwiereg ass dat matzen am Joer en vigueur ze setzen. Et géif mer Leed doen, wann dat Gesetz elo net géif den 1. Januar a Kraaft gesat ginn, ëmsou méi, wou ech am Fong hei kee groussen Ënnerscheed gesinn, wat d'Protektioune vun de Salariéen ubelaangt.

M. le Président.- Den Här Lux freet d'Wuert nach eng Kéier.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Här President, ech wollt bewosst net zum Fong schwätzen, well wa mer elo ufänke vum Fong ze schwätzen, da maache mer deen Débat, dee mer wa méiglech muer virgesinn hunn.

Ech mengen, mir hunn eng Meenungsverschiddenheet hei, dass mir der Meenung sinn, dass e Malaise do ass, deen dohier kënnt, dass mer net nach eng Kéier d'Sozialpartner an d'Chambres professionnelles gefrot hunn. Mir sollen elo doriwwer ofstëmmen - ech maache mer keng Illusioun, dass d'Majoritéit wäert de Projet drop loossen - an da setze mer eis iwwert déi Meenungsverschiddenheet, déi mer an där dote Fro hunn, dann ebe muer auserneen. Mä mir sinn nach wie vor der Meenung, dass ee soll d'Sozialpartner nach eng Kéier froen an de Projet erof huelen.

Une voix.- Très bien.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Au vote.

M. le Président.- Mir stëmmen elo iwwert den Ordre du jour, dee vun der Presidentekonferenz virgeschloe ginn ass an deen lech virläit, of. Den Antrag ass do vum Kolleeg Lucien Lux, fir en ze änneren an deem Sënn, dass d'Projeten 4825A a 4825B erof geholl ginn.

Vote

Wien derfir ass, fir den Ordre du jour esou duerchzehuelen, wéi en lech zougestallt ginn ass a wéi en décidéiert ginn ass an der Conférence des Présidents, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Et ass keen Zweifel, d'Majoritéit ass derfir, fir den Ordre du jour bäizehalen an domadder wier den Antrag vum Här Lux ofgelehnt.

***(Brouhaha général)***

Op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg steet de Rapport complémentaire vum Budgetsprojet mat uschléissender Diskussioun, an duerno d'Ofstëmmung iwwert de Statshaushalt vum Joer 2003. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Doriwwer eraus steet de Fraktiounen nach déi Zäit zou, déi se bei der Diskussioun vun der leschter Woch net opgebraucht hunn.

Wéi et aus engem Schreiwes ervirgeet, dat lech gëschter zougestallt gouf, sinn dat fir: de Rapporteur 24 Minutten, d'CSV 58 Minutten, d'DP 67 Minutten, d'LSAP 46 Minutten, den ADR 54 Minutten, DÉI GRÉNG 57 Minutten, den Här Urbany 22 Minutten a fir d'Regierung 87 Minutten. Fir d'Diskussioun iwwert d'Motiounen an d'Resolutiounen hunn d'Fraktioune jee 45 Minutten an d'Sensibilité politique 22,5 Minutten.

Et si schonn agedroe bis elo: d'Mme Nicklaus an déi Häre Asselborn, Rippinger, Mehlen, Bausch, Krecké an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorablen Här Emile Calmes.

## 6. 5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003 (suite)

***Rapport complémentaire de la Commission des Finances et du Budget***

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wann Dir mer et géingt erlaben, da géing ech domat ufänken all deene merci ze soen, déi sech an hiren Iwwerleeungen hei mat dem Rapport, deen ech d'Chance hat am Numm vun der Finanzkommissioun hei virzestellen, ausernee gesat hunn.

Dëst Joer stoungen d'Debatten natierlech am Zeeche vun enger neier wirtschaftlecher Situatioun. Eng wirtschaftlech Situatioun mat méi engem luese Wuesstum a selbstverständlech awer och mat de finanzielle Konsequenzen, déi sech dorauser fir de Statsbudget erginn. Et sinn och dës nei Situatioun an hir Konsequenzen, déi am Mëttelpunkt vun den Diskussioune vun dësem Zousazrapport wäerte stoen, entgéint deem, wéi dat an de vergaangene Jore war, wou d'Amendementer sech ëmmer gréisstendeels op eng gewëss Zomm beschränkt hunn. Eng Zomm, déi am Projet de budget reservéiert war, fir eben Amendementer ze maachen.

Esou eng Zomm war och dëst Joer virgesinn, mä et sollt u sech anescht kommen, an deem Sënn, dass de Wirtschaftswuesstum vun 2001 im Nachhinein op ee Prozent huet mussen no ënne revidéiert ginn, souwéi dee vun 2002 op en halwe Prozent. Och wann d'Aussichte fir 2003 besser sinn, bedingt doduerch dass jo an der zweeter Halschent vum nächste Joer d'wirtschaftlech Situatioun erëm soll unzéien, mengen ech, huet d'Regierung awer richteg gedoen duerch eng Partie Amendementer, souwuel um Niveau vun de Recetten, wéi um Niveau vun den Dépensen, dësem Budget hei méi Véridicitéit ze vermëttelen. Nach méi Véridicitéit, wéi de Budget der scho souwisou an de leschte Joren hei verpasst kritt huet, mam Ënnerscheed dëst Joer, datt d'Véridicitéit net nëmme fir d'Recettë muss duerhalen, mä virun allem och fir d'Dépensen.

An deem Sënn sinn am Artikel 1 dann d'Recetten an d'Dépensen amendéiert ginn. Et ware 6.468 Milliounen Euro virgesinn als Recetten. Déi sinn no ënne revidéiert op 6.349,7 Milliounen Euro. Dat ass eng Progressioun par rapport zum Budget vum leschte Joer vu 6,23%. Am ursprüngleche Projet waren dat nach 8,22%. D'Dépensë sinn och no ënne revidéiert gi vu 6.465 Milliounen op 6.349 Milliounen, wat dann nach eng Augmentatioun vun den Dépensë vu 5,84% ausmécht. Am ursprüngleche Projet waren dat nach 7,78%. Domat reduzéiert dann och de Boni vun deem Budget sech vun 2,8 Milliounen op eng hallef Millioun no ënnen.

Ëm wéi vill sinn d'Recetten erofgesat ginn? D'Recettë sinn am Allgemengen ëm 119 Milliounen Euro no ënne revidéiert ginn. Déi stamen aus enger Partie Diminutioune vu Steieren hier, awer och aus enger Partie Augmentatiounen, déi dann de Chiffer vun 119 Milliounen erginn. Virun allem sinn d'Steieren op de Léin an op de Gehälter ëm 100 Milliounen no ënne revidéiert ginn. Do waren ursprünglech am 2003er Budget 1.285 Millioune virgesinn als Recetten. Elo sinn et der nach 1.185 Milliounen, wat u sech der neier Situatioun gerecht gëtt, wou dach awer gemengt gëtt, dëst Joer géife mer nëmmen op 1.100 Millioune Recettë kommen, wou der 1.155 Millioune virgesi waren.

Domat ass da selbstverständlech och der zweeter Phas vun der Steierreform Rechnung gedroe ginn an et ass deem Rechnung gedroe ginn, datt d'Lounmass am nächste Joer méi lues wäert evoluéieren, virun allem doduerch, dass d'Primen an d'Gratifikatioune sech wahrscheinlech méi a Grenze wäerten halen, wéi dat an de vergaangene Joren de Fall war. An et muss ee sech jo och bewosst sinn, dass an enger Situatioun, wéi mer se elo hei hunn, de Beschäftegungstaux net méi an deem Ausmooss wäert an d'Luucht goen, wéi dat an der Vergaangenheet ëmmer de Fall war. Et sinn also d'Steieren op de Gehälter an op de Léin, déi ëm 100 Milliounen Euro no ënne revidéiert gi sinn.

Zwou aner Taxe sinn och all Kéiers ëm 40 Milliounen no ënne revidéiert ginn. Dat ass d'Taxe d'abonnement an den Droit d'enregistrement. Dat sinn Taxen, déi ënnert dem direkten Afloss vum Finanzsecteur stinn. Si si gréisstendeels de Schwankungen op der Bourse ausgesat, well et sech u sech ëm den Enregistrement, respektiv eng Taxe handelt, déi op de Wäertpabeieren opgehuewe ginn. Nom 11. September 2001 bis dëst Joer an den Oktober eran ass de Wäert vun de Pabeieren drastesch gefall. De Statsminister huet jo d'lescht Woch dee formidable Chiffer vun 8.000 Milliarden Euro genannt, dee sech u sech a Loft opgeléist huet. Dat mécht et also méiglech, datt mer net déi 495 Milliounen Euro erakréien, déi mer virgesinn haten, mä nëmme 455 Milliounen. Dat entsprécht och deem, wat mer eis dëst Joer kënnen erwaarden, wat erakënnt.

Datselwecht gëllt fir d'Enregistrementsrechter, wou mer u sech 198 Millioune virgesinn haten, déi sollten erakommen, mä wou der dëst Joer awer nëmmen 125 Millioune sollen erakommen. An deem Sënn ass et richteg, dass déi op 158 Milliounen no ënne revidéiert gi sinn. D'TVA huet och mussen no ënne revidéiert ginn, an dat ëm 40 Milliounen. Hei kréie mer a sech de volle psychologeschen Effet vun esou enger Situatioun ze spieren. D'Leit fille sech u sech onsécher virun der Zukunft a ginn doduerch manner Geld aus. Et freet ee sech just, wann déi successiv Steierreformen net gemaach gi wieren, wéi dës Taxe dann ausgefall wier.

Wéi gesot, dat sinn déi Steieren, déi no ënne revidéiert gi sinn. Op där anerer Säit sinn der awer och zwou no uewen hi revidéiert ginn. Esou zum Beispill d'Verméigenssteier ëm 30 Milliounen Euro fir d'Joren 2002 an 2003, wou all Kéiers 40 Millioune Recettë virgesi waren. Et ergëtt sech awer am September vun dësem Joer, datt déi Taxe elo schonn op 112 Millioune läit, esou datt et normal ass, datt déi fir d'nächst Joer ëm 30 Milliounen eropgesat gëtt.

Dat wat och an d'Luucht geet sinn déi Taxen, déi aus den Accisen eraus kommen. Ech mengen, déi Donnéeën, déi d'Regierung vun der Douanes-an-Accisë-Verwaltung kritt hunn, si relativ positiv. D'Regierung kann dovun ausgoen, datt op d'mannst d'Accisen op den Zigarette méi wäerten erabréngen d'nächst Joer, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Et huet och domat ze dinn, datt a Lëtzebuerg op Grond vun engem méi positive Verdeelungsschlëssel am Kader vum UBL-Accord méi Recetten erakommen. Dat huet allerdéngs näischt domat ze dinn, datt elo vläicht méi hei am Land gefëmmt gëtt, mä et huet einfach domat ze dinn, datt den Différentiel mat anere Länner zu eise Gonschte spillt.

Wéi gesot, d'Steiere sinn op der Recettësäit ëm 220 Milliounen no ënne revidéiert ginn, et sinn der dann och fir 101 Milliounen no uewe revidéiert ginn. Dat mécht dann en Defizit vun 119 Milliounen aus. Hëlt een dann dee Boni vun 2,8 Millioune mat eran, dee virgesi war, da mussen op där anerer Säit d'Dépensen ëm 116,7 Milliounen no ënne revidéiert ginn. A wa mer hei vun Dépensë schwätzen, déi no ënne revidéiert ginn, da sinn dat emol un éischter Stell déi Dépensen, déi direkt mam Bruttoinlandsprodukt, respektiv mam Bruttoinlandsakommes zesummenhänken an hei schwätzt een da vun de Kotisatiounen, virun allem Pensiouns- a Krankekeesskotisatiounen, déi ëm 17,1 Milliounen no ënne kënne revidéiert ginn. Mä och de Fonds communal de dotation financière gëtt esou ëm 18 Milliounen no ënne revidéiert, grad esou wéi de Kooperatiounsfong ëm 13 Milliounen, an de Fong fir d'Recherchen ëm 1,2 Milliounen Euro.

Niewent dësen Upassunge ginn dann awer och d'öffentlech Investitioune manner héich dotéiert. D'öffentlech Investitiounsfongen, minus déi vun der Schoul an déi vum öffentlechen Transport, déi hir Dotatioune behalen, ginn insgesamt gesinn ëm 60 Milliounen no ënnen. Dat stellt awer selbstverständlech déi Investitiounen, déi d'Regierung sech virgeholl huet an deenen nächste Joren ze maachen, net a Fro. Déi Investitiounen, ech widderhuele mech do, sinn absolut kee Luxus, mä eng absolut Nécessitéit. Et si souwisou iwwer honnert Milliarden al Frangen an de Reserven, an dat, mengen ech, misst duergoen dësen Investitiounen nozekommen.

Eng aner Reserv, an dat hate mir och am ursprüngleche Rapport ënnerstrach, ass déi praktesch schuldefräi Situatioun, déi Lëtzebuerg huet. Dat huet et och der Regierung erlaabt, dëse Fong ëm 9 Millioune manner héich ze dotéieren, vu datt d'Schold, déi Lëtzebuerg huet, ëm 60 % provisionéiert ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren u sech déi Haaptamendementer, mat deene mer an der zoustänneger Finanzkommissioun ze dinn haten. Dir verstitt, datt ech net op all déi eenzel Amendementer op der Säit vun den Dépensë wëll agoen. Dat géif nu wierklech zevill an den Detail féieren. Ech géif mech och net mat deenen Amendementer hei elo of-

ginn, déi mat der Loi budgétaire selwer ze dinn hunn, well déi éischter méi technescher Natur sinn a Korrektioune maachen, grad esou wéi déi Amendementer, déi nach gemaach gi sinn op Grond vum Avis vum Statsrot, wat och méi héich technesch ass. Wéi gesot, alles dat ännert näischt un der Substanz vum Budget, grad esou wéineg wéi déi Amendementer, déi d'Finanzkommissioun selwer gemaach huet. Ënnert deenen en Amendement zum Beispill, wou mer dräi Gemengen entgéintkommen, déi vergiess haten hiren Taux fir d'Gewerbesteier mat Zäite festzesetzen, ëmmerhin och eng Gemeng vun engem Kolleeg Députémaire, deen heibanne sëtzt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren déi puer Saachen, déi ech hei wollt soen. Et ass éischter e Rappel vun deem, wat ech schonn a mengem éischte Rapport gesot hunn. Den éischte Rapport, dee sech scho mam amendéierte Budget ofginn huet. A well dës Amendementer a sech näischt un den Akzenter an och näischt un der Qualitéit vun dësem Budget hei änneren, géif ech Iech dann am Numm vun der Finanzkommissioun invitéieren, dem amendéierte Budget 2003 zouzestëmmen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischt Riednerin ass d'Madame Ferny Nicklaus-Faber agedroen. Entschëllegt, den Här Budgetsminister Frieden kritt nach fir d'éischt Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt am Numm vun der Regierung virun allem zréckkommen op d'Budgetsdebatte vun der leschter Woch. Gläich zum Ufank wollt Iech bieden de Stats- a Finanzminister ze entschëllegen, deen och am Fong de Mëtteg nach wollt zréckkommen op d'Debatte vun der leschter Woch, mä hien ass fir de Moment amgaange sech ëm deen europäesche Steierdossier ze bekëmmeren, en Dossier, op deen ech och am Laf vu menger Interventioun zréckkommen.

Ech géif also dofir wëllen am Numm vun der Regierung op eng Rei vun deenen Observatioune vun der leschter Woch zréckkommen, respektiv herno nach op verschidden Aussoen agoen, déi vläicht de Mëtteg an deem Kontext gemaach ginn, ouni awer nach eng Kéier alles ze widderhuelen, wat mer schonn d'lescht Woch gesot hunn.

Et ware villsäiteg Interventiounen, mä ech hunn am Fong an deenen Interventiounen net festgestallt, datt d'Grondbudgetsphilosophie fir d'Joer 2003 heibanne kontestéiert gi wär. Datt de Budget amendéiert ginn ass, dat ass nun eemol e Phenomeen, deen all Joer am Hierscht geschitt. Et gëtt ëmmer erëm gesot, mir schwätzen hei vun engem amendéierte Budget, mä, Dir Dammen an Dir Hären, e gëtt all Joer amendéiert. Mä richteg ass och, datt mir dëst Joer an engem vill méi schwierege wirtschaftlechen Ëmfeld déi Amendementer diskutéieren, an dat ass am Fong dat, wat par rapport zu de Budgete vun de Jore virdru geännert huet.

De Fait, datt d'Wirtschaftsprognose fir dat kommend Joer am Hierscht vun alle Wirtschaftsprognoseninstituter zréckgeholl gi sinn, ass ee Phenomeen, dee mir déi Jore virdrun net haten. Wéi mir mat deene Prognose konfrontéiert gi sinn, huet sech natierlech fir d'Regierung an dofir och fir dëst Parlament d'Fro gestalt: Ännert een dorobber hin fundamental de Budget oder net? Sträicht ee Politiken, un déi ee gleeft, oder net? An d'Äntwert vun der Regierung war - an ech hunn och d'lescht Woch net fundamental aner Meenungen hei am Parlament héieren, quitte datt ech d'Nuancë wuel mat kritt hunn -, datt mir net mengen, datt ee misst hektesch Kursännerunge maachen, wann een Nouvellë kritt, déi sécher net erfreelech sinn, déi mat der europäescher an der internationaler Konjunktur ze dinn hunn. Mir hu keng hektesch Ännerunge misste maachen, well mer an deene leschte Jore Reserven opgebaut hunn, Reserven, déi sech an deene leschten dräi, véier Joer verduebelt hunn, ëmmerhin 3,2 Milliarden Euro. Dat ass net näischt. Dat ass eng ganz Staang Geld.

Mir hunn nach Retarde bei der Besteierung vun de Banken am Beräich vun der Kierperschaftssteier. Och dat si substanziell Zommen, a wann ee Reserve mécht, dat wëll ech heibannen nach eng Kéier soen, dann ass dat eppes Positives, a wann ee Reserve mécht, da muss een och bereet sinn, se auszeginn wann d'Zäite manner gutt sinn. An an esou enger Zäit si mer.

D'Joer 2003 ass fir de Budget e schwieregt Joer. Mä domadder gëtt net direkt d'Gesondheet vun de Statsfinanzen ugegraff. Wann een e momentanen Déséquiliber huet am Budget, deen iwwregens am europäesche Stabilitéitsprogramm erlaabt ass, da kann een op esou Reserven zréckgräifen. Et kann ee momentan Defiziter maachen. Dat ass dat, wat an Europa déi automatesch Stabilisateure genannt ginn, déi extra virgesi ware fir Länner, déi eng gesond Budgets- a Finanzpolitik an deene vergaangene Jore gemaach hunn.

Mir wollten, datt déi Reserve gebraucht ginn, fir keng hektesch Ännerung nom Budget mussen ze maachen. Mir sinn der Meenung, datt déi Sozialpolitik zum Beispill, déi mer maachen, ëmmerhi 44% vun den Ausgabe vum Stat vum nächste Joer, Ausgabe sinn, wou et net gutt wär, wa mer déi kuerzfristeg géife brutal änneren, well domadder géife mer net nëmmen de Bénéficiairë vun deene Sozialleeschtungen, an dat si mer alleguerten, schueden, mä mir géingen och domadder der Ekonomie e weidere Stouss ginn no ënnen, deen an dësem Moment negativ fir d'Ekonomie wär. Mat anere Wierder, de Konsum géif selbstverständlech weider noloossen.

Grad esou hu mer dofir gemengt, datt et richteg war an dësem Moment, d'Investissementer op engem héijen Niveau ze halen. Investissementer profitéieren der Ekonomie, Investissementer profitéieren de Lëtzebuerger Betriber, déi Haiser a Stroosse bauen. Selbstverständlech muss een och am Laf vum nächste Joer ëmmer erëm deen Investitiounsvolumen am Liicht vun den neien Erkenntnisser kucken, a virun allem fir déi Joren duerno, 2004, 2005. Mir wäerten en héijen Investitiounsniveau halen, mä deen ass extrem héich, an dofir, och wann en an deenen nächste Jore vläicht net grad esou vill klëmmt wéi dëst Joer, ass en nach ëmmer op engem héijen Niveau.

Mir wäerten dëst Joer ronn 600 Milliounen Euro Investitiounsausgaben hunn. Wa mer dat d'nächst Joer nach eng Kéier ëm 30 % steigeren, da sinn dat kolossal Montanten, a wa mer se esouguer net gesteigert hätten, da wär et nach ëmmer prozentual gesinn, par rapport zu de Gesamtausgabe vum Stat, e ganz héije Montant, an dofir mengen ech, muss een net onbedéngt all Investitiounen tätegen an der Zukunft, mä et muss een dee Volumen op engem héijen Niveau halen.

D'Sozialpolitik wëlle mer bäibehalen, d'Investitioune wëlle mer op engem héijen Niveau halen, a mir mengen och nach wie vor, datt d'Steierreform am richtege Moment gemaach ginn ass, an datt déi Steierreform weider richteg war. Dat ass heibanne jo och nëmme vun enger Fraktioun kontestéiert ginn, déi gesot huet: Mä Dir gesitt jo, Dir hutt eng Steierreform gemaach, an trotzdeem ass de Wuesstum net esou héich, wéi dat am Ufank virausgesot gi war.

Ech dréinen Iech dat Argument ëm. Wann déi Steierreform net gemaach gi wär, da wär héchstwahrscheinlech de Wuesstum nach vill méi schlecht, dat heescht, mir wären an enger méi negativer Situatioun, well mer awer um Terrain kënne feststellen, datt d'Leit vill vun deem wat se netto méi an hirem Portemonnaie hunn och ausginn, datt se mat deene Sue liewen, datt se mat deene Sue kënnen investéieren. Duerfir war déi Steierpolitik, wat eng exceptionell zolidd Steierreform war, souwuel fir d'Privatleit wéi fir d'Betriber, am richtege Moment gemaach ginn, a mir deelen duerfir net d'Meenung vun deenen, déi d'lescht Woch hei - d'Kolleege vun der grénger Fraktioun virun allem - déi Steierreform kontestéiert hunn.

An dëser Debatt ass och geschwat ginn iwwert d'Evolutioun vun der Gewerbesteier. Ech sinn d'lescht Woch net dorobber agaangen, well ech der Meenung sinn, datt et net gutt wär, wa mir géingen an dësem Moment deene wichtegen Debatte virgräifen, déi am Kader vum Conseil supérieur des finances communales am Ufank vum nächste Joer wäerte stattfannen, déi da vum Innenminister Michel Wolter aberuff ginn. Eent ass awer kloer, datt wann de Stat manner Recetten erakritt, da kréien och d'Gemengen der manner eran, oder ëmgedréint. Deen een an deen aneren hänken un der wirtschaftlecher Entwécklung vum Land, a mir musse selbstverständlech kucken, datt jiddferee sengen Aufgabe kann nokommen. Just musse mir eng Diskussioun doriwwer kréien, wat dann alles noutwendeg ass. Doriwwer muss ee souwuel beim Stat wéi bei de Gemenge schwätzen.

Wann de Stat substanziell manner Suen erakritt, da kann een net zu gläicher Zäit méi Sue vun dësem Stat fir d'Gemenge verlaangen. Déi Rechnung geet net op. D'Regierung wäert d'Gemengen net am Ree stoe loossen, mä Stat a Gemenge musse wëssen, datt an Zukunft net all Wonsch kann an Erfëllung goen. Net de Stat an net d'Gemenge kënnen alles dat onbedéngt an deenen nächste fënnef Joer realiséieren, wat si wollte maachen. Sou wënschenswäert dat och wär, muss een der Realitéit Rechnung droen, wann ee net wëllt déi gutt Finanzsituatioun, déi mir hunn, mëttelfristeg a laangfristeg op d'Spill setzen. Et ass also keng Zäit, soen ech nach eng Kéier, fir nei Fuerderungen, et ass éischter d'Zäit, fir ze iwwerpréifen ob alles dat, wat mir maachen, absolut noutwendeg ass. Et ass een Exercice, deen net ëmmer agréabel ass, dee souwuel de Stat wéi d'Gemenge musse maachen.

Ech géing och bieden, de Budget 2003 net nëmmen ze gesinn am Kontext vun deem eenzege Joer. Mir hunn déi Jore virdrun de Budget mëttelfristeg gekuckt, an och d'Wirtschaftswuesstem mëttelfristeg gekuckt, an esou hu mir och de Budget 2003 opgestallt. A wann ee mëttelfristeg kuckt, muss een no hannen an no vir kucken. A wann een dann eng Moyenne rechent vun der Croissance économique op déi ee sech baséiert, fir de Budget opzestellen, dann ass dat bëssen en anert Jugement vläicht, wéi wann ee just d'Momentopnam, datt heescht d'Chiffere vum Hierscht 2002 en vue vum Budget 2003 kuckt. An an deem Sënn waren och déi Zitater, déi vu mir d'lescht Woch hei gemaach gi sinn, Zitater aus de Budgetsdebatte vum Joer virdrun, net falsch. Well ech soen de Kolleege vun der sozialistescher Fraktioun, déi esou gentil waren, meng Ried vum leschte Joer nozeliesen, datt dat Referenze waren op mëttelfristeg Wuesstumer, a mir dat och ëmmer erëm an der Regierungserklärung an an der Einleitung zum Budgetsdokument festgehalen hunn.

Si hunn d'lescht Woch rappeléiert, datt ech d'lescht Joer gesot hunn: Wuesstum ass d'Resultat vun enger Politik. Dat war deemools richteg an ass selbstverständlech och haut richteg. Wann de Stat sech net bekëmmert ëm d'Ekonomie, da kann déi Ekonomie net esou funktionéieren am Intérêt vun der Gesellschaft. Selbstverständlech kann een de Wuesstum net millimetergenau steieren, a selbstverständlech hätte mir gäre méi Wuesstum an dësem Moment, wéi mir es hunn, mä wa mir d'Rahmenbedingunge fir d'Wirtschaft net géinge setzen, da soen ech Iech, dann hätte mir nach vill méi eng schlecht ekonomesch Situatioun.

D'Steierreform, vun där ech elo grad geschwat hunn, ass een Element gewiescht an déi richteg Richtung. D'Rahmebedingungen, déi mir fir den Haaptsecteur vun der Lëtzebuerger Ekonomie setzen, oder fir dee Secteur, deen déi meeschte Kierperschaftssteier bezillt, nämlech d'Finanzplaz, sinn dee beschte Beweis, datt d'Wuesstum an d'Resultat dovun an enger Ekonomie och a souguer wesentlech beaflosst gi vun der politescher Hand. Duerfir stëmme mir muer, hoffen ech, an dëser Chamber e wichtegt Gesetz iwwert d'Ëmsetzung vun europäeschen Direktiven am Beräich vun den Investmentfongen, den OPCen. Duerfir hu mir am Beräich vum Stol déi Schrëtt an der Politik geholl, déi et der Lëtzebuerger Stolindustrie erlaben, weider e wichtege Spiller an der internationaler Stolwelt ze sinn. Duerfir hu mir déi Décisioune geholl, déi et noutwendeg maachen, fir datt d'Satelittegeschäft vu Lëtzebuerg aus weider ka gemaach ginn. An duerfir, wéi gesot, suivéiere mir och alles dat, wat op der Finanzplaz leeft, op eng äusserst intensiv Aart a Weis.

An deem Kontext hélt selbstverständlech déi europäesch Steierdebatt eng wichteg Plaz an, obschonn datt ech d'lescht Woch hei gesot hunn, an dat bleift och dës Woch, datt net alles op der Finanzplaz vun der europäescher Steierdebatt ofhänkt. Mä mir hunn an deene leschte Wochen - an dat erkläert, firwat de Statsminister an ech de leschte Mëttwoch net un Ären Debatten iwwert de Budget deelgeholl hunn, wat eis nodréiglech nach eng Kéier Leed deet a wou mir merci soe fir d'Versteesdemech vun dëser Chamber - un äusserst schwieregen Debatten deelgeholl, déi ech nach eng Kéier wëll an hire Kontext setzen.

Mir haten am Dezember 1997 ënnert der Lëtzebuerger Présidence proposéiert mat engem Koexistenzmodell, also Wiel tëschent Quellesteier an Informatiounsaustausch, d'Diskussioun iwwert d'Zënsbesteierung an Europa unzegoen. Déi Debatt ass gefiéert ginn, mat ville Schwieregkeeten, bis zum Juni 2000 op dem ECOFIN a Sommet vu Feira am Portugal, wou d'Englänner eis erklärt hunn, datt souwéisou an e puer Joer all Mënsch den automateschen Informatiounsaustausch hätt, a mir wären dann déi lescht op der Welt, oder bal, déi nach d'Bankgeheimnis hätten.

A mir hunn deemools gesot: Mä da musst Dir eis dat beweisen. Dir musst eis dat beweisen an Ären ofhängegen Territoiren, an Dir musst eis dat beweisen a wichtege Finanzplazen, déi d'Konkurrenzzentre vun eisem Land sinn. A wann Dir eis dat kënnt beweisen, a wann déi alleguerten zum automateschen Informatiounsaustausch iwwerginn, dann ass och Lëtzebuerg bereet dee Schrëtt no verschiddenen Iwwergankszäiten ze maachen. An der Debatt vun där leschter Woch, an an der Debatt vun deene leschte Wochen, an deene leschten zwee ECOFINen huet sech erausgestallt, datt esou eng Solutioun, also automateschen Informatiounsaustausch, an där dote Form mat der Schwäiz, mam Liechtenstein a mat deenen aneren Drëttstaten net esou géing goen.

Et si verschidde Modalitéite mat der Schwäiz diskutéiert ginn, déi Dir och aus der Berichterstattung iwwert déi ECOFINe kennt, an et ass dorobber hin, wou sech d'Lëtzebuerger Regierung an deenen nächste Wochen en vue vum ECOFIN vum 21. Januar muss festleeën. D'Lëtzebuerger Regierung, an ech soen dat hei ganz kloer an däitlech, ass contrairement zu deem, wat de Moien an e puer däitschen a Schwäizer Zeitunge stong, net d'accord, a war zu kengem Moment d'accord, fir am Joer 2004 eng 25%eg Quellesteier anzefiéieren, a bis spéitstens 2011 Kontrollmatdeelungen no OECD-Standard 2002 anzefiéieren, dat heescht, en Informatiounsaustausch op allen Akommessen an ouni Konzept vun der duebeler Strofbarkeet. D'Lëtzebuerger Regierung dementiert also déi diesbezüglech Artikelen, déi de Moien, notamment am Handelsblatt an an der Neuer Züricher Zeitung stongen.

Grad esou muss ee gesinn, datt no dem ECOFIN vun der leschter Woch déi däitsch Regierung proposéiert huet, fir d'Zënserträg vun an Däitschland wunnende Bierger mat enger Ofgeltungssteier vun, wann ech dat richteg aus der Zeitung gelies hunn, am Ufank 25% ze besteieren. Ech muss Iech soen, datt ech erstaunt sinn, datt déi däitsch Regierung sech elo intern fir eng Ofgeltungssteier asetzt, nodeem se an Europa dat éischtens net gesot huet, an zweetens sech do ëmmer fir automatesch Kontrollmatdeelungen agesat huet.

Elo weess och ech, datt dat eent eng Diskussioun ass iwwert d'Résidentë vun Däitschland, an datt mir an Europa diskutéieren iwwert d'Net-Résidenten. Et gëtt och haut schonn aner Länner an Europa, déi fir hir Résidenten Ofgeltungssteieren hunn, also eng „libératoire retenue à la source". Wat dat ass? Dat heescht, et bezilt een op enger Plaz. D'Bank hélt déi Suen ewech, wann ee seng Zënse kritt, an domadder ass d'ganz Steierschold ofgeleescht.

Ech wëll trotzdeem hei soen, datt ech d'Impressioun hunn, datt déi Décisioun vun der däitscher Regierung, vu gëschter a virgëschter, en neit Element ass an der europäescher Zënssteierdebatt, well eng Rei Argumenter virbruecht ginn, déi visiblement net nëmme fir den däitsche Marché geduecht gi sinn, mä déi och eng europäesch Dimensioun hunn.

Ech mengen, datt dat, wat déi däitsch Regierung gesot huet, an notamment den däitsche Bundeskanzler gëschter Owend op enger Wahlkampfveranstaltung, net konstruktiv an net hëllefräich an dësem Moment vun der europäescher Steierdebatt ass. Et bréngt ee kaum e Kompromëss an Europa fäerdeg, wann ee versicht eng Meenung ze bilde mat Attacken op Nopeschlänner, besonnesch wann dës Nopeschlänner kleng sinn. Dir wësst, datt e Lëtzebuerg a Liechtenstein an der Diskussioun gëschter Owend genannt huet.

Mir mengen also, datt een déi nei Elementer vun der däitscher Steierdebatt elo am Detail muss kucken. Wann ech richteg verstanen hunn, huet déi däitsch Regierung den Detail vun hire Steierpläng nach net fäerdeg. Et gëtt diesbezüglech eisen Informatiounen no keen offiziellt Dokument. Mä mer géinge plädéiere fir Koherenz doheem an an Europa.

Mir mussen d'Tauxen, déi bei enger eventueller europäescher Quellesteier spillen, kucken à la lumière vun deenen Tauxen, déi am Ausland applizéiert ginn, an Zousoe fir den OECD-Standard 2002, also ouni Elementer vun der duebeler Strofbarkeet ze akzeptéieren, mécht d'Lëtzebuerger Regierung net, mécht d'Lëtzebuerger Regierung ni, wann an der Schwäiz, wann am Liechtenstein, wann zu Monaco an op anere Plaze Konkurrenzzentre vun europäesche Finanzzentren oder an de brite-

schen an hollännesche Kanalinselen net déiselwecht Regelunge spillen.

Dat huet d'Lëtzebuerger Regierung ëmmer erëm gesot. Mir loossen net zou, datt hei Kapitalverschiebunge stattfannen, déi ausschliesslech enger anerer Finanzplaz Avantagë verschafen. D'Lëtzebuerger Regierung ass weider bereet, an Europa, zu engem faire Kompromëss. Faire Kompromëss, deen doranner besteet, datt mer bereet sinn, Zënsen och vun Net-Résidenten ze besteieren, mä op eng raisonnabel Aart a Weis, déi d'Kapitalflucht aus der Europäescher Unioun évitéiert.

Mir wëllen dofir ënner anerem, zweetens, datt d'Schwäiz, Liechtenstein an anerer an esou eng Regelung agebonne ginn. Datt also jiddferee mat deenen nämlechte Mëttelen an dëser Konkurrenzsituatioun ka schaffen. Mir mussen oppassen, an dat ass vläicht nei duerch déi däitsch Steierdiskussioun, datt den europäesche Bannemaart nach weider fonctionnéiert. All Léisung déi kënnt muss et och erlaben, datt d'Leit och an Zukunft kënne Kapital an Europa fräi zirkuléiere loossen, ouni domadder der Steierflucht d'Dieren opzemaachen. Mä dofir muss ee Léisunge fannen.

Mir mengen, datt déi lëtzebuergesch Léisungen, déi mer an der Vergaangenheet op den Dësch geluegt haten, Léisungen an deem Sënn waren. Dofir sinn déi nächst Woche wichteg fir ze kucken, wéi een elo hei virugeet. Op jiddfer Fall ass dat, wat gëschter geschitt ass an Däitschland, e wichtegt neit Element, deem mer wëlle Rechnung droen a wou mer och wëlle kucken, awéifern de Fait, datt ee vun den Haaptacteuren an dësem Steierdossier - wat Däitschland ganz sécher ass an dësem europäesche Steierdossier - seng intern Steierphilosophie esou dramatesch ännert, an enger Debatt wou en ëmmer gesot huet, d'Kontrollmitteilung wär dat eenzegt Heelmëttel fir der Steierflucht en Enn ze maachen, säin Zweck erfëllt.

Mir hunn ëmmer gesot, et ginn och aner Mëttelen, wéi zum Beispill eng Quellesteier, d'Positioun, déi och d'Schwäiz vertrueden huet. Da muss een och an engem ECOFIN am europäesche Kontext doriwwer diskutéieren. D'Lëtzebuerger Regierung huet wëlles, och virun deem nächsten ECOFIN, dee jo fir den 21. Januar ugesat ass, nach eng Kéier och mat der Finanzkommissioun vun dëser Chamber doriwwer Gespréicher ze féieren. Mir sinn der Meenung, datt et gutt wär, wa mer endlech eng Léisung an deem Dossier hätten. Well d'Absence vun enger Léisung ass och net gutt, well si féiert zu Onsécherheet op der Finanzplaz. Si féiert dozou, datt déi richteg Bankgeschäfter nëmme lues virukommen, an dofir si mer fir eng Léisung. Mä mer sinn net fir eng Léisung zu egal wat fir engem Präis. Ech soen nach eng Kéier: Et bréngt een net Resultater fäerdeg, wann ee versicht vun där anerer Säit vun der Musel mat schwéierem Geschütz op d'Noperen ze schéissen. Loosse mer déi Debatt konstruktiv a fair weidergoen an deenen nächste Wochen.

Wuesstum ass d'Resultat vun enger Politik, och vun enger europäescher Steierpolitik an och vun enger europäescher Politik vun den öffentleche Finanzen. Dofir moosse mer och weider dem europäesche Stabilitéitsprogramm vill Importenz bäi.

Ech kommen nach eng Kéier zréck op dat, wat ech d'lescht Woch hei ugedeit hunn. Ech mengen, datt mer och mussen an deem europäesche Stabilitéitsprogramm Elementer wéi déi vun enger gesonder Situatioun vun de Statsfinanze méi Rechnung droen. Ech soen nach eng Kéier, datt déi Länner, déi Reserve gemaach hunn, am Fong déi net ugerechent kréien, wa se op hir Capacité de financement am europäesche Stabilitéitsprogramm analyséiert ginn. De Fait, datt mer zum Beispill d'Halschent vun eiser Statsschold an engem Fong hunn, gëtt zu Bréissel einfach net berücksichtegt, well si kucken nëmme Bruttoschold, an net Nettoschold. Si kucke bei der Berechnung vun der Capacité de financement d'Recettë minus d'Dépensen, ouni och do erëm eng Kéier d'Reserven, déi mer eis ugeluegt hunn, ze berücksichtigen. Ech hätt gären, wa mer deen nächste Stabilitéitsprogramm op Bréissel ginn, dat wäert am Januar de Fall sinn, datt mer dorobber an eisem Stabilitéitsprogramm hiweisen an datt mer och an Europa eng Diskussioun driwwer kréien, datt esou Länner mussen anescht behandelt ginn.

De Budget vum nächste Joer gëtt sécher keen einfachen. Dofir hunn ech d'lescht Woch gesot, an ech wëll dat hei nach eng Kéier, och no den Interventioune vu ville Riedner d'lescht Woch, hei soen, datt mer deen am Laf vum Joer ëmmer erëm musse kucken, awéifern mer vun där Previsioun, déi mer gemaach hunn, besonnesch bei de Recetten, ofwäichen oder net. Mir sinn net, a keen heibannen, wann en éierlech ass, ass an dësem Moment capabel, déi Recettë vum nächste Joer millimetergenau festzeleeën. Dat musse mer dofir kucken am Laf vum nächste Joer. Dofir sinn ech och gäre bereet, wéi ech dat och d'lescht Woch gesot hat, all puer Méint an d'Chamber ze kommen an der Chamber, der Finanzkommissioun déi Donnéeën, déi mer hunn iwwert d'wirtschaftlech Entwécklung an iwwert d'Statsfinanze matzedeelen.

Ech mengen net - an dat soen ech de Kolleege vum ADR, déi eng Motioun an deem Sënn, mengen ech, eraginn haten -, datt et vill Sënn mécht dat all Mount ze maachen. Well et gi Méint, wéi zum Beispill de Mount Januar, wou déi Chiffere ganz wéineg, souwuel op der Recettësäit wéi op der Dépensësäit, soen. Ech géif dofir éischter proposéieren, dat géing een all dräi Méint maachen, well een dann e besseren Iwwerbléck huet, dee méi aussagekräfteg ass, wéi wann een dat opgrond vun den Donnéeë vun engem Mount mécht.

Grad esou musse mer am Laf vum Joer 2003, wa mer de Budget 2004 maachen - well mer fänke jo elo geschwë mat deem u mat schreiwen, mer si jo ëmmer ee Joer viraus an der Preparatioun vun deene Budgeten -, selbstverständlech eng Rei Iwwerleeunge féieren. Iwwerleeungen, déi mer bei de Konsumausgaben a bei den Investitiounsausgabe féieren. Mä all déi, déi sou séier soen: „Da musse mer dës oder déi Konsumausgabe kierzen", wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, datt d'Konsumausgaben am Budget nëmme 7,2% vun allen Dépensë vum Stat ausmaachen. Dat ass net schrecklech vill. Sou datt een also muss ganz kloer soen, wat een dann do vun décken Aspuerunge sech virstellt.

D'Regierung wäert dat maachen, wann et noutwenneg gëtt. Mä ech hunn och d'lescht Woch hei op der Chambertribün, à moins datt ech dat iwwerhéiert hunn, keng substanziell Aspuerungen, Moossname vu kenge vun de Fraktiounen héieren. Et mag sinn, datt dat der Regierung iwwerlooss gëtt, fir dat dann duerno ze beuerteelen an ze kommentéieren, voire ze kritiséieren. Domadder hu mer kee Problem, mä ech soe just all deenen, déi elo brutal Aschnëtter am Budget 2003 gäre gehat hätten, datt se dann och musse soen, wat fir eng dat sinn, an datt si dat dann och musse justifizéieren.

De Budget 2004, dat soen ech elo schonn, wäert ee Budget ginn, dee quasi guer net wäert wuessen, opgrond vun den Erkenntnisser, déi mer elo hunn, a mer nach ëmmer mëttelfristeg de Wuesstum vun der Ekonomie kucken. Ech weisen lech drop hin, datt trotzdeem d'europäesch Kommissioun fir 2004 e méi staarke Wuesstum virgesäit. Eppes iwwer 3%, dat ass hir Analys vun dësem Moment. Et muss een also och do mëttelfristeg kucken. Dee Budget kéint ganz gutt ee sinn, deen net méi wéi d'Inflatioun wiisst. Et ass also eppes, wat och d'Kolleege vun der Regierung sech musse ganz seriö ukucke wa se d'Propositiounen eragi fir deen nächste Budget, dee mer am nächste Fréijoer wäerten, op d'mannst op technescher Basis, am Kader vun der Regierung analyséieren.

Eng lescht Observatioun wëll ech nach eng Kéier bei de Reserve maachen. Fir nach eng Kéier ze preziséieren, datt all déi Reserven, déi mer hunn, wat also d'Trésorerie vum Stat ass, op eng äusserst responsabel Aart a Weis ugeluegt ginn.

Ech sinn a ville Joren, inklusiv an deene leschte Rapporte vun Ärer Finanzkommissioun, drop higewise ginn, datt et gutt wär, wann déi Sue just nëmmen op Spuerbicher mat niddregem Rendement géingen ugeluegt ginn. Mir hunn am Kader vum neie Kontabilitéitsgesetz déi Suen zu engem groussen Deel weiderhin um Spuerbuch gelooss, well ech d'lescht Woch erkläert hunn, datt dat menger virsiichteger Gestioun vun den öffentleche Finanzen entsprécht.

Mir hunn en Deel vun de Suen awer och an Obligatiounen an an eng speziell Zort vun Obligatiounen, déi un engem Bourssëcours hänkt, investéiert. Mat zwou Nuancen: engersäits, datt mer schréftlech festgeluegt hunn, datt mer ëmmer d'Kapital, wat mer investéiert hunn, zréckkréien - mer kréien also ëmmer déi Suen zréck, déi mer ginn hunn - plus e Rendement, dee vun de Bourssen an dem Rendement vun deenen Obligatiounen ofhänkt.

***(Interruption)***

Mir huelen déi net fréizäiteg zréck, well dofir hu mer ebe just e ganz klenge Montant doran investéiert par rapport zu deene Suen, déi mer brauchen, fir ze regéieren. Wa mer se fréizäiteg missten zréckhuelen, da misst ee kucken, wéi dee Moment hire Wäert ass.

Wann ech kucken am Joer 2002 an ech huelen de Rendement vun deene Suen, déi mer um Spuerbuch à terme placéiert haten, da gesäit een, datt mer e Rendement moyen vun 3,21% haten. Wann ech de Rendement moyen vun de Placementer kucken, déi mer an Obligatiounen an den «european medium term notes» dëst Joer haten, dann hu mer do e Rendement vun 3,39%. Dat heescht, dee Rendement war souguer liicht iwwert deem vun de Placementer op de Spuerbicher. Dat sinn déi Chiffere, déi ech der Chamber selbstverständlech och a schréftlecher Form no matdeelen.

Dat hätt och kënne liicht drënner sinn, mä et bleift, datt ech net akzeptéieren, dass hei d'Impressioun opkënnt, wéi wa mir d'Steiergelder op eng spekulativ irresponsabel Aart a Weis ugeluegt hätten. Ech hunn hei eng diversifiéiert Uleeung gemaach vun de Gelder vun der Trésorerie, ouni dee geréngste Risiko ze lafen. Ech mengen, datt dat eng Gestion en bon père de famille wär, esou wéi een déi vun engem Tresorminister sollt am Fong geholl erwaarden.

De Budget vum nächste Joer, dat soen ech nach eng Kéier, ass een, dee mer musse mat äusserster Virsiicht exekutéieren. Mir wäerten déi Kurskorrekture virhuelen, déi sech iwwert déi nächst Joren als noutwenneg erweisen. Mat hekteschen Ännerungen, och a schwieregen Zäiten, ass kengem gehollef. D'An zoumaache virun der Schwieregkeet hëlleft och näischt. Et ass dofir, fir mat engem klore Bléck an enger responsabler Haltung vis-à-vis vun den öffentleche Finanzen an deenen, déi dervu profitéieren, an dat sinn d'Bierger an dësem Land, dee richtege Mëttelwee ze fannen.

Mir mengen, datt mer e mat dësem Budget geroden hätten. Dofir froen ech nach eng Kéier, esou wéi ech dat schonn d'lescht Woch gemaach hunn, am Numm vun der Regierung d'Zoustëmmung zum Budget. Ech soen lech merci.

**Des voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als éischt Riednerin ass d'Madame Ferny Nicklaus agedroen. D'Madame Nicklaus huet d'Wuert.

**Une voix**.- Oh, surprise.

***Discussion générale (suite)***

**Mme Ferny Nicklaus-Faber** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech dem Rapporteur, dem Här Emile Calmes, merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Här Calmes, ech wollt dat schonn d'lescht Woch maachen, ech hunn awer leider net dierfen. Mäi Merci kënnt awer vum Häerz.

***(Interruption)***

Erlaabt mer e puer Wierder am Ufank ze soen zur Sëtzung vum leschte Mëttwoch.

Meng éischt Remarque: Obscho ganz fréi gemellt, sinn ech als Presidentin vun der Commission Egalité des chances als lescht op d'Riednerlëscht gesat ginn, nämlech als Nummer 21. Ech wëll hei drun erënneren, dass eis Kommissioun nach all Joer e Rapport pour avis zum Budget gemaach huet. Ech wëll awer hei e konstruktive Beitrag fir eis Diskussioune bréngen. Kënnte mer eis net un der Stad Lëtzebuerg inspiréieren,...

**Des voix**.- Très bien.

***(Interruptions)***

**Mme Ferny Nicklaus-Faber** *(CSV).*- ...wou nom Buergermeeschter oder engem Schäffen...

***(Coups de cloche de la Présidence)***

...ëmmer de President respektiv d'Presidentin vun enger Kommissioun als éischt dru kënnt, fir ze schwätzen?

***(Interruption)***

Mir kënnte jo vläicht bei eise Budgetsdebatten eis e bëssen un deem Modell vun der Haaptstad inspiréieren.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Loosst d'Madame Nicklaus schwätzen!

**Mme Ferny Nicklaus-Faber** *(CSV).*- Meng zweet Remarque: Mir hunn eis an der Chamber e Reglement ginn, fir d'Riedezäit ze begrenzen op verstänneg Ausmoossen - jiddfereen ass domadder d'accord -, mä wie vun eis a wat fir eng Fraktioun kann hei vu sech behaapten, déi Zäit nach ni iwwerschratt ze hunn?

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Mir hunn nach 27 Minutten am Rescht.

**Mme Ferny Nicklaus-Faber** *(CSV).*- Här Bausch, ech ënnerbriechen lech jo och net.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Dat ass awer esou. Mir hunn nach 27 Minutte Rescht.

**Mme Ferny Nicklaus-Faber** *(CSV).*- Leschte Mëttwoch huet awer dann d'Fraktioun vum ADR op eemol hei lerbessenzielerei bedriwwen, wéi eng Fra sollt schwätzen.

***(Brouhaha général)***

**Une voix**.- Law and order.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Elo däerft Dir awer net méi vu Gläichberechtegung schwätzen!

**Une autre voix**.- Oh, neen.

**Mme Ferny Nicklaus-Faber** *(CSV).*- Mir hunn duerch déi penibel an onwürdeg Diskussiounen esou vill Zäit verluer, datt ech mäi Rapport längstens hei bruecht gehat hätt.

Déi Fraktioun, déi keng Fra an hire Reien an der Chamber huet an och net am Stater Gemengerot, huet hei hiert wierklecht Gesiicht gewisen, wat jo kengem entgaangen ass.

***(Interruptions)***

Erlaabt mer e Kommentar aus der gréisster Dageszeitung ze zitéieren.

**M. Robert Mehlen** *(ADR).*- Schwätzt léiwer mat Ärem Fraktiounschef.

**Mme Ferny Nicklaus-Faber** *(CSV).*- „Der Auftritt bleibt der Vorsitzenden des Chancengleichheitsausschusses indes untersagt. Sie muss sich den strengen ADR-Männern beugen, die auf strikte Einhaltung der Kammerregie pochen. Für Geschlechtergleichheit bleibt da weder Platz noch Zeit." Hei huet déi Fraktioun, eng reng Männeréquipe, et op jiddfer Fall grëndlech verpasst, sech als eng fortschréttlech a fraefrëndlech Partei duerzestellen.

**Une voix**.- Si wëllen dat guer net.

**Une autre voix**.- Gläichberechtegung.

**M. Robert Mehlen** *(ADR).*- Schwätzt mat Ärer eegener Fraktioun, Madame Nicklaus.

**Mme Ferny Nicklaus-Faber** *(CSV).*- Ech kommen elo zu mengem Bäitrag, dee sech op de Budget vun der Promotion féminine beschränkt.

**M. Robert Mehlen** *(ADR).*- Den Här Weiler setzt lech déi nächst Kéier méi wäit vir.

**M. Lucien Weiler** *(CSV).*- Här Mehlen, këmmert lech ëm Är Fraktioun!

***(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)***

**Une voix**.- Da loosst d'Madame Nicklaus och schwätzen, Här Weiler.

**M. Robert Mehlen** *(ADR).*- Voilà.

**M. le Président**.- Madame Nicklaus, fuert virun, an déi aner sollen nolauschteren a roueg sinn.

**Mme Ferny Nicklaus-Faber** *(CSV).*- D'Fraepolitik ass keng Luxuspolitik, déi nëmmen da stattfënnt, wann eis Keese voll sinn. Am Géigendeel, d'Fraepolitik huet grad a méi schwieregen Zäiten, wéi dat haut de Fall ass, hir Daseinsberechtegung. En inexistenten oder niddregen ekonomesche Wuesstum zeechent sech duerch e méi niddregen Aarbechtswuesstum an eng gréisser Aarbechtslosegkeet aus. D'Frae sinn oft déi éischt, déi den ekonomesche Wiessel ze spiere kréien.

D'Frae ginn éischter entlooss wéi d'Männer. Dat oft eleng op Grond vun hirem Geschlecht. D'Frae kréien awer och oft de Wiessel doheem ze spieren iwwer hire Mann oder Liewenspartner, deen zum Beispill seng Aarbechtsplaz verléiert a mat där Situatioun oft op Dauer net eens gëtt, an dann an Depressiounen, dem Alkohol oder der Gewalt verfält. Eleng dës zwee Beispiller beweisen, wéi wichteg d'Fraepolitik ass, an zwar eng diversifiéiert Fraepolitik, déi sech mat alle Facettë vum Fraeliewe beschäftegt, déi de Fraen entgéint kënnt an hir Rechter op allen Niveaue promouvéiert.

Ech si frou festzestellen, datt de Budget vum Fraeministère trotz schwaacher wirtschaftlecher Konjunktur net erofgesat ginn ass. Et wier e gravë Feeler gewiescht, wann ee grad an dësem Budget, bei Wäitem deen niddregsten, gespuert hätt. Esou eng Entscheedung hätt ouni Zweifel onerwënschte gesellschaftlech Konsequenze mat sech bruecht. De Budget vum Fraeministère spigelt déi virsiichteg Approche erëm, déi d'Regierung bei der Opsetzung vum Budget un den Dag geluegt huet.

De Budget gëtt fir d'nächst Joer eropgesat op de Betrag vun ongeféier 7,5 Milliounen Euro. Dat stellt par rapport zum Budget vun dësem Joer eng Erhéijung vu 14,5% duer. Verschidde Kreditter ginn iwwerhaapt net erop, anerer ginn zréck, mä dës Evolutioun wäert keng negativ Wierkung op d'Aarbecht vum Ministère hunn, well déi wichtegst Postë ginn an d'Luucht. An anere Wierder: Et gëtt do gespuert, wou ee spuere kann, wou ee spueren däerf, wéi zum Beispill bei den Indemnitéite fir aussergewéinlech Servicer oder bei de Kreditter fir speziell Équipementer.

Et gëtt awer net bei den Aktioune gespuert, déi en éducative Message vermëttelen an zum Zil hunn, déi faktesch Gläichheet tëschent Fraen a Männer ze realiséieren.

D'Kreditter fir Sensibiliséirungscampagnen iwwert d'Gewalt un de Frae ginn ëm 27,3% erop. Ech stelle mat Zefriddenheet fest, datt dës Kreditter zum Deel am Kader vun der Formatioun an der Sensibilisatioun vun de Professionellen affektéiert ginn. Ech denken hei un d'Dokteren oder d'Police, déi mat häuslecher Gewalt konfrontéiert ginn. D'Egalitéitskommissioun hat ganz staark op dësem Punkt am Kontext vun der Debatt iwwer d'Violence domestique insistéiert. Et ass nämlech wichteg, datt Fraen a Kanner, déi geschloe ginn, vun Ufank u richteg encadréiert ginn. Net manner wichteg ass a mengen Aen, mat den Täter selwer, déi ganz oft an hirer Kandheet Affer vu Gewalt waren, ze schaffen a sech ëm si ze këmmeren. De Fraeministère ass sech dëser Problematik bewosst, an ech begréissen d'Initiativ vum Ministère, sech fir eng adequat Prise en charge vun den Täter an Zukunft anzesetzen. D'Tatsaach, datt zu Eschweiler bei Wolz dëst Joer en neit Fraenhaus seng Dieren opgemaach huet, wou geschloe Frae mat hire Kanner Hëllef a Bäistand kréien, beweist erëm, wéi wichteg d'Aktioune vum Ministère an dësem Beräich sinn, an zwar och am ländleche Raum. Et weist och drop hin, datt de Wee bis zur reeller Gläichstellung vu Fra a Mann nach wäit ass.

Gläichheet setzt e Mentalitéitswandel viraus, deen nëmmen duerch Sensibiliséierungcampagnen, déi e bildenden an éducative Charakter hunn, kann erreecht ginn. Ech stelle fest, datt um Niveau vun der häuslecher Gewalt ëmmer nach deeselwechte Spot op der Tëlee leeft. D'Leit kucken dëse Spot net méi. Fir wierkungsvoll ze sinn, musse Campagnen oft erneiert a Spoten ersat ginn. Ech hoffen, datt de Ministère en Deel vun de Kreditter wäert dozou benotzen, fir eng nei perkutant Campagne am Beräich vun der häuslecher Gewalt ze finanzéieren, eng Campagne, déi de Leit dobaussen de Message vermëttelt, datt de Problem vun der Violence domestique e wierklechen ass, an datt een d'Gewalt an alle soziale Milieuen erëmfënnt.

Colloquen a Seminäre spillen och eng wichteg éducativ Roll. De Budget fir d'Joer 2003 gesäit e Kredit vun 149.200 Euro vir - dat sinn ëmmerhin iwwer sechs Milliounen al Frangen -, deen e Colloque den nächste September um Kierchberg finanzéiere soll. Och wann ech net de Prinzip selwer vun esou engem Colloque a Fro stellen, deen e ganz interessante Beitrag ka sinn, froen ech mech awer, ob et net méi opportun gewiescht wär, d'finanziell Participatiounen zum Colloque méi niddreg ze halen a méi Kreditter fir konkret Aktioune virzegesinn. Bei allem Verständnis wat esou ee Colloque fir Lëtzebuerg op der internationaler Szeen duerstelle kann, misst een op Grond vun eiser schwaacher ekonomescher Situatioun vläicht den Akzent awer och op aner, a mengen Aen, méi wichteg Punkte setzen, wéi op d'Analys vu gesellschaftleche Strukturen, notamment de Matriarchat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach eng Kéier ënnermaueren, datt d'Entscheedung vun der Regierung, de Budget vum Fraeministère net ze kierzen, déi richteg ass. Ech hoffen och, datt d'Regierung an Zukunft deeselwechte Courage un den Dag wäert leeën, a sech weider fir eng aktiv Fraepolitik asetzt.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Jean Asselborn agedroen. Den Här Asselborn huet d'Wuert.

**M. Jean Asselborn** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den ECOFIN vum leschte Mëttwoch huet jo effektiv mat sech bruecht, dass d'Chamber dës Budgetsdebatte fir 2003 ouni Äntwert vu Regierungssäit d'lescht Woch zougemaach huet. Ech wëll un éischter Plaz als LSAP der Regierung soen, dass se deen eenzege richtege Wee an dësem ECOFIN gaangen ass, nämlech à la lettre d'Accorde vu Feira verteidegt ze hunn.

Ech sinn och frou ze héieren, och wa kee vun deenen heibannen ass de Moment, dass an der Virbereedung vum 21. Januar, wou deen nächsten ECOFIN ass, d'Chamber soll informéiert ginn. Dat géife mer gutt fannen, dass mer dat net brauchen ze liesen an den Nouvelles de Libramont oder an der Hunsrücker Abendpost.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer just, dass ech hei an dëser Diskussioun, wou mer jo nach ëmmer iwwert de Budget vum Joer 2003 schwätzen, e puer Minutten huelen, fir e wéineg aus der Siicht vun der Oppositioun dës Aarbecht vun der Regierung ze beliichten.

Ech wëll awer och soen, Här President, dass wa mer iwwert d'Finanzpolitik an der Chamber schwätzen, virum Vote vum Budget, ech et wierklech net an der Rei fannen, dass deen, deen zoustänneg ass fir d'Finanzpolitik hei am Land, nämlech de Finanzminister, et méi wichteg fënnt sech virzebereeden op Dossieren. Dat, Dir Dammen an Dir Hären, kënne mer selbstverständlech maachen, Här President. Mir schwätze vill vu Revaloriséierung vun dësem Parlament. Da solle mer hei déi parlamentaresch Anstalt zoumaachen, an eis an d'Intimitéit vun eise Büroe verzéien, fir eben dann d'Land ze regéieren. Mä gutt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, keng Panik, roueg Hand, kloer Siicht, dëst alles mam Apel fir den Duuscht an der Hand, a mat der grousser Erkenntnis ënnermauert, dass Lëtzebuerg weder um Mier, nach am Mier läit, also definitiv säin Inselliewen zur Illusioun degradéiert ginn ass: Dat war jo am Fong geholl de Refrain, deen all Deputéierte vun der Koalitioun d'lescht Woch hei gesongen huet. Wann de Premier de Mëtteg hei wier, dann hätt ech him gesot, dass en d'lescht Woch eigentlech net vill verpasst huet zu Bréissel an och zu Kopenhagen, well den Défilé hei vun den CSV- an den DP-Deputéierten hunn eigentlech déi Strofen nogesongen, déi hie scho viru 14 Deeg hei virgesongen huet.

Ech woen och, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, emol kuerz d'Hypothees opzestellen, och wann et selbstverständlech nëmme fir Sekonnen oder Zéngtelssekonne ka sinn, well et einfach jo bal net virstellbar ass, dass dee gréisste Finanzminister an Europa, zënter dem Colbert, dee jo am 17. Jorhonnert regéiert huet, den Här Juncker, iergendeng Kéier géif an der Oppositioun vum Land landen, an da sech mat enger Regierungspolitik erëmbalege misst, wou vun engem Joer op dat anert de Wuesstum vum Joer 2000 vun 8,9% am Joer 2001 op 1% gefall wier, ouni dass déi Regierung an hirer Mëttelméissegkeet eelef Méint nom Enn vun deem Joer ee blasse Schimmer dovunner gehat hätt.

Wat mengt Der wuel, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat dann alles vum schwaarzen Oppositiounshimmel op dës aarmséileg Lëtzebuerger Regierung erofgefall wier? Mä, Här President, et sinn elo seriös Téitschen an der Carrosserie vum Nimbus vum Lëtzebuerger politesche Finanzgenie, mä Schwaarz regéiert, also nom Prinzip, dass Schwaarz näischt falsch maache kann, well Schwaarz eben ëmmer richteg läit, a richteg tässelt a richteg virausgesäit, ass alles falsch an iwwerdriwwen an déplacéiert wat eng Oppositiounspartei, a speziell déi rout, wot ze soen am Kontext vun deem Debakel hei. On connaît la musique.

Ech wëll awer och soen, dass Schwaarz zumindest de Mérite huet eppes ze soen, sech der Diskussioun ze stellen. Vu bloer Säit, déi jo och nach, esou vill mer wëssen, an der Regierung ass, héiert een nëmme vague an diffus Echoen zu deem Sujet. D'Demokratesch Partei gëtt sech, wéi wa si déi Säit Stengefort an der Province de Luxembourg mat regéiere géif, anstatt dës Säit hei am Grand-Duché. Och déi Tour kenne mer vun der Demokratescher Partei.

De Premier ass virun zwou Woche ganz forsch hei op dëser Plaz virun de Mikro getrueden, an huet dat gemaach, wat en am beschte kann: schwätzen, laang, breet an héich. Schlecht Zuelen deckt e mat schéine Wierder zou. Interessant ass et, wéi en am Fong vum Problem déviéiert huet. E stellt a groussen Deeler vu senger Ried, an ech hu se gëschter nach eng Kéier nogelies, eigentlech déi falsch Froen, fir déi Äntwerten ze ginn, déi hie fir richteg hält, an domadder wëllt en d'Leit selbstverständlech alullen.

Beispill 1: Rentenajustement. Kee Mënsch zu Lëtzebuerg huet ee Pipcheswuert gesot, dass 2003 de Rentenajustement net soll gemaach ginn, weder e Politiker, nach en Net-Politiker. De Premier awer danzt, wéi mir dat gesinn hunn, hei ëm sech selwer a stellt de Rentenajustement bal als eng karitativ Opfergab vun dëser Regierung duer.

Beispill 2: De Mindestloun. Keen Oppositiounspolitiker, Här President, huet gefrot fir de Mindestloun net ze erhéijen. Mir hu gefrot, a mir stinn dozou, a mir wäerten dem Här Lucien Lux och eis Positioun kloer am Detail duerleeën, dass d'Mindestlounbezéier, esou wéi Ufanks den 90er Joren, eppes drop sollte kréien, well si net konnte vun de Steierreduktioune profitéieren. Dass d'Patronen am Prinzip dergéint sinn, dat wësse mer an dat kenne mer vun alle Mindestlounerhéijungen. De Premier hätt besser gehat, wéi en hei esou vill vum Mindestloun geschwat huet, seng Chamberried op deem Punkt am Regierungsrot ze halen, da bréicht e keng intrakoalitionär Iwwerzeegungsaarbecht an der Öffentlechkeet ze maachen.

Drëtte Punkt: d'Indexéierung vun de Gehälter. Et huet ee keen héieren am Land, deen den Index a Fro stelle wëllt. Esouguer d'Patronat huet dat dës Kéier net gemaach. Ledeglech eng maximal Indextranche ass jo vum Patronat gefrot ginn, mä och hei stellt de Regierungschef sech als de Liewensretter vum Index duer.

An da wëllt ech hei, an ech si wierklech traureg, dass en net hei ass, mä dee staatsministerielle Seeldanz a Saache Renten, deen ëmmer an ëmmer erëm optaucht, och dës Kéier erëm, nach eng Kéier ganz kloer ofweisen. Den Här Juncker gëtt sech wéi deen eenzege grousse Mahner an der Wüst vun allen onkapabelen a kuerzsiichtege Sozialpolitiker, deen als Eenzege virun de Gefore vum Resultat vum Rentendësch gewarnt huet.

Et huet ee selten esou een duebelt Spill kënne feststellen. Mir wëssen. De Premier selwer rifft de Rentendësch zesummen. E seet zu engem gewëssene Moment hei um Pult, op dëser Plaz, wou alles um Dësch long, wat um Rentendësch och war, dass de Rentendësch géif an déi richteg Direktioun goen. An e seet, als Premier wär e mam Resultat vum Rentendësch däerart averstanen, dass en am Regierungsrot d'accord ass, dass dës Regierung, schwaarz-blo, ee Projet de loi op den Instanzewee brëngt. De Projet gëtt da gestëmmt. Da seet e wéi eng See un dësem Gesetz, fir seng Wäitsiicht géint d'Kuerzsiicht, selbstverständlech vun deenen aneren, ze ënnersträichen. Dat ass eigentlech, wéi wann ee Buergermeeschter d'Initiativ géif huelen, fir a senger Gemeng eng Schoul ze bauen. E kritt eng breet Majoritéit am Gemengerot. De Gemengerot ass dofir, a knapps ass de Projet gestëmmt, da geet e géint de Projet a seet, dee Bau wär ze deier, oder den Ënnerhalt wär ze deier fir d'Gemeng. Esou ee Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, dee gëtt ganz séier duerchkuckt. Entweder huet eist Land, op de Premier bezunn, ee Mann, deen zu deene Projete steet, déi d'Regierung der Chamber virleet, oder eist Land huet ee Premier, dee sech net méi an der Regierung an esou enger kapitaler Fro wéi der Rentepolitik solidariséiert, an dann zitt e seng Konsequenzen. Alles anescht ass Zynismus oder e schlechte Witz.

Mir hätte léiwer gehat, Dir Dammen an Dir Hären, an et wär och méi interessant gewiescht, an ech kommen elo dozou, wann d'Öffentlechkeet gewuer gi wär, a wat fir eng Richtung dës schwaarz-blo Koalitioun eist Land a kapitale Froe gedenkt ze steieren a Bezuch op hir Finanzpolitik. Ech ginn zwee Beispiller: Gi mir zu Lëtzebuerg weider um Wee vun engem dezentraliséierte Land, wou engersäits d'national Politik Kompetenzen huet, an anerersäits derniewent de Bierger an de Gemenge seng Vertrieder wielt, déi dann eng effizient Gemengepolitik ganz no beim Bierger amstand si weider ze garantéieren, an also selbstverständlech och Mëttelen dofir mussen hunn, oder ass dëst CSV-Imperium eng Regierung, déi all Hiewele vun der politescher Muecht zentraliséiere wëll fir, am Sënn vun de Jakobiner, aus dem Regierungsrot eraus alles ze steieren an ze kontrolléieren, wat d'öffentlech Hand hei am Land ugeet? Mir kréien nach d'Geleeënheet dës Fro ze verdéiwen.

Mä wann ee gesäit, wéi hei gedeelt gëtt, tëschent dëser schwaarz-bloer Regierung an den 118 Gemengen, da muss ee sech seriö Froe stellen. 11% vun de Budgetsinvestitiounen, bretzt d'Regierung sech, garantéiert de Stat, a seet, dass kee Land an der Europäescher Unioun dat opweises huet. Zur gläicher Zäit kréien d'Gemengen e Bréif, si sollten hire Budget extraordinaire mässegen, also zréckfueren an den Investissementer, fir sech op méi schlecht Zäite virzebereeden. An d'Gemengen hunn dës Circulaire, Dir Dammen an Dir Hären - dofir sinn ech wéinstens frou, dass de Budgetsminister hei ass, dann héiert en dat nach eng Kéier, wat d'Wouerecht war -, jo net spontan kritt.

An der Finanzkommissiounssitzung vum 21. November huet de Budgetsminister Frieden den Abroch vun der Gewerbesteier ëm 50% vum Joer 2004, sou onemotional an esou gutt gelaunt, jo, mat enger verblüffender Selbstverständlechkeet ugekënnegt, wéi wann e soen dierft, dass Karfreiden am Joer 2004 géif op ee Freide falen. E war sech dem Impakt guer net bewosst a wollt dëse Chiffer an därselwechter Sitzung erëm zréckhuelen. A wann d'Oppositioun net spontan reagéiert hätt, da wär dës Botschaft un d'Gemengen am Frack vun den CSV-Genië stieche bliwwen, an d'Gemenge wären näischt vun hirem Gléck gewuer ginn, well schlecht Nouvellen, Här Weiler - Här Weiler, drénkt een Espresso da geet et besser -, däerfen net ënnert d'Leit. Keng Panik, roueg Hand, ëmmer un den Apel denken, ni un de Batz.

***(Hilarité)***

Dës Koalitioun wollt jo d'Gewerbesteier ofschafen. Si huet et ni fäerdeg bruecht ze soen, Här President, wat soll an d'Plaz kommen. Si weess et haut esou wéineg, wéi si et 1999 wousst. Am Numm vum Dialog, der Transparenz, dem Stil, de säftege Lëtzebuerger Äppel an dem schwaarzen Espresso, froe sech vill Leit, ob dës CSV-DP-Koalitionären dëst net fäerdeg brëngen ouni Gesetz, d'Gewerbesteier ofzeschafen. Si sinn op jidde Fall um beschte Wee.

Den Här Juncker huet ugedeit, dass et méi einfach ass ze regéiere fir gutt, kompetent a wäitsiichteg Politiker, wann d'Zäite méi schlecht ginn. Ech ginn em komplett Recht. Fir déi allermeescht Gemengen ass d'konkret Politik um lokale Plang nach ni einfach gewiescht, well de Gemengen hir Mëttele waren eigentlech ni esou völleg, mat e puer Ausnahme vläicht, wéi déi vum Stat. Dofir sinn an de Gemengen esou gutt, esou kompetent an esou wäitsiichteg Politiker, Politiker déi sech d'Liewen net esou einfach gemaach hunn, wéi vill Regierungsleit.

Dës CSV-DP-Regierung huet, esou gesi mir et, kee Gefill fir déi zwee Niveaue vun eisem demokratesche Gebilde, fir dat am Gläichgewiicht ze halen. D'Zäit erlaabt mir elo hei net op d'Madame Polfer anzegoen, déi jo bal an d'Schwächt gefall war,...

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Firwat gitt Dir ni Spëtzekandidat?

**M. Jean Asselborn** *(LSAP)*.- Oh, Här Weiler, ech hunn eng kleng Avance op lech.

D'Mme Polfer, déi jo bal an d'Schwächt gefall war 1998, a si ka sech bestëmmt erënneren, wéi mir nëmmen, Här Weiler, ee Soupçon vun de Gemengesteieren ëmgetässelt hunn. Dës Regierung, Här President, riskéiert de Gemengen de Garaus ze maachen, an domadder trëfft se d'Bierger un éischter Plaz. Mir wäerte mat aller Kraaft als Sozialisten entgéintsteieren.

Zweete Punkt: Dës Regierung - an dofir sinn ech immens frou, dass d'Madame Polfer elo hei ass - läit an der Fro vun der Schoulpolitik, souwuel inhaltlech wéi psychologesch am Revers vum eigentleche Problem. Dëst schuet eisem Land enorm, net well d'DP beim wichtegste Punkt vun hirem Programm eigentlech Raute wénke muss, mä well déi ganz Regierung mat hiren Diener hei an der Chamber inhaltlech an och psychologesch aus der bluttnoutwendeger Offensiv an der Schoulpolitik just, an ech soen d'Wuert absichtlech, eng reaktionär Destabilisatioun vun eisem Schoulsystem agelaut huet. Net d'Madame Brasseur eleng ass Schold drun. Si, déi mat hirer Bibel a mat hirer Fibel an der Hand, dem Land weist, dass ee «back to basics» goe muss, fir am 21. Jorhonnert intellektuell ze bestoen. Mä

dës ganz Regierung ass Schold, dass no PISA dës Koalitioun näischt anescht um Hutt huet, wéi a Saache Schoulreform aus dem Reliounsunterricht no 1968 nees ee Promotiounsfach ze maachen, a fir elo dës stupid, reaktionär an no hanne geriichte Reform géint d'Interesse vun der öffentlecher Schoul unzekierpen.

Lëtzebuerg huet eng Schoul: d'öffentlech Schoul. Do an op där Schoul muss d'Elite vun eiser Jugend zesummen an de Bänke sëtzen, wéi schonn 1912 gemengt ginn ass, fir zesummen an eis Gesellschaft eranzewuessen. Lëtzebuerg brauch keng Zweeklasseschoul: eng fir déi Besserverdienend, an eng fir déi grouss Mass vun de Leit. Sou wéi mir keng Zweeklassemedezin wëllen, sollte mir och keen Zweeklasseschoulsystem opbauen. A wann ech hei d'CSV-Leit héiere soen, dass Privatschoulen de Stat méi bëlleg ginn, Här Weiler, wéi d'öffentlech Schoul, da lafen engem Demokrat d'Schudderen de Réck erof. Dat géing jo heeschen, dass de Stat d'Schoul insgesamt privatiséiere soll, fir Suen ze spueren. Dës Reform am Interesse vun der Privatschoul ass och ee Schlag, esou menge mir et, géint d'Enseignantë vun der öffentlecher Schoul, déi sech an hire Beméiungen, optimal Schoul ze halen, verrode fillen.

Mir hunn als LSAP an deene 15 Joer, wou mir mat de Kolleeginnen a Kolleege vun der CSV an der Koalitioun waren, weder beim Koeffizient a Saache Reliounsunterricht, nach bei de Privatschoulen ee Millimeter gewackelt. An d'DP, och wann d'Madame Presidentin vun der DP sech ënnerhält doënnen, sollt nolauschteren a wëssen, dass mir mengen, si soll iwwert d'Feierdeeg mat hirer Partei emol noliesen, wou si hierkommen, a wat se sinn am Spill vun der demokratescher Ausernanersetzung, fir de Kompass net komplett ze verléieren. Et huet een d'Impressioun, wéi wann d'Demokratesch Partei haut nach just Big-Brother-Liberalismus à la FDP géif produzéieren.

Bei dëser Budgetsdebatt ass och e puermol dat berühmte Schëff an de Fliger opgetaucht. De Premier huet mam 11. September gestikuléiert an deem Kontext. D'CSV mengt, eis hei mussen onbedéngt um falsche Fouss ze erwëschen. Nun, fir Kloertext ze schwätzen: Dat Engagement Schëff a Fliger ass keen Engagement aus der Regierungsperiod bis Juni 1999.

Ech ërennere mech, datt mir Enn 1999 vum Här Arméiminister Goerens iwwert dës Pläng an d'Bild gesat gi sinn. Mam 11. September huet also dëst Engagement absolut näischt ze dinn. Mir sinn Oppositiounspartei a mir hunn an där Funktioun Verantwortung fir d'Geschécker vun eisem Land.

***(Brouhaha général et interruption)***

Oh Här Weiler, et kommen och nach besser Zäiten.

***(Hilarité)***

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Dreemt weider.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Aus eiser Siicht, Här President, sollte mir a Saache Beitrag fir eng friddlech Welt a fir e friddlecht a séchert Europa dat maachen, wat zu eisem Land passt. Doudsécher net näischt, mä awer och net egal wat.

D'Friddenspolitik aus der Siicht vun eisem Land brauch net onbedéngt gläichzesetzen ze si mat méi militäreschem Arsenal. Mir sollte selbstverständlech investéieren an d'Ausbildung vun eisen Zaldoten, fir datt se hirer Aufgab, fir d'Erhalen an d'Garantéiere vum Fridden a spezielle Missiounen, gewuess sinn. Mir kéinten och weisen, datt een nieft de Waffen, fir de Kampf géint den internationalen Terrorismus ze féieren, och Engagement a finanziell Mëttelen asetze soll, fir d'Entwécklungshëllef an de Krisegebidder nach méi unzekierben.

Déi Suen, déi dëse Fliger an dat Schëff, wou ech net de Volumen dovunner kennen an och keng Detailer driwwer weess, kaschten, sollte mir net der Europäescher Unioun verweigeren, mä se benotzen, fir Entwécklungshëllefprogrammer ëmzesetzen an esou d'Wuerzele vum Haass, vum Fanatismus, vun der Aarmutt a vun der Hoffnungslosegkeet ze treffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Sot eis nach wéi et mat den Helikopeteren ass, Här Asselborn.

***(Interruption)***

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Eiser Partei huet déi zimlech iwwerhieflech Aart a Weis net gefall, wéi hei d'Parabel, Dir Dammen an Dir Häre vun der CSV, vum Apel fir den Duuscht ëmmer nees zum Beschte bruecht gouf am Verglach mam Ausland. Een CSV-Spriecher huet gesot, souwéi de Premier, datt mir an eisem Land an en Apel fir den Duuscht bäisse kënnen, wann anerer ronderëm eis an d'Gras bäisse mussen, well se keen Apel hunn. Wuert fir Wuert hunn ech elo dat zitéiert, wat vun der CSV gesot ginn ass.

Esou Spréchelcher kënnen an d'A goen, zemools wann ee weess, dass zum Beispill déi däitsch Wirtschaft, wéi de Premier gesot huet, eis Wirtschaft bis zu engem Drëttel vum Volume beaflosst. Bleiwe mer also um Teppech an übe mer eis an Demut. Och wa mir an der Europäescher Unioun mat eisen Noperen deeselwechte Verhandlungsdësch deelen, sollte mir awer wëssen, datt all Vergläicher vun eise Problemer mat deene vun Däitschland, vu Frankräich oder och anere Länner aus der Europäescher Unioun carrément onrealistesch sinn. Nëmme Politiker, déi de Kompass oder hire Gebuertsschäi verluer hunn, hiewen esou of.

Bei der CSV spiert ee jo och, Här President, op Schratt an Tratt, datt op Däitschland bezunn se net verquëssen, datt hiren CDU/CSU-Freundeskreis d'Wahle verluer huet.

***(Brouhaha général)***

Ech woen allerdéngs ze behaapten, ier Der Iech ze vill opreegt, datt wann zu Berlin e Kanzler géif sëtzen, dee besser jodele kéint wéi deen, deen elo do ass, datt et Europa, an och Lëtzebuerg, net besser goe géif.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Deenen däitsche Sozialisten awer vläicht.

Une voix.- Et ass keng Ruhmeszäit fir déi däitsch Sozialisten. Dir hätt besser net doriwwer ze schwätzen.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här President, mir wäerten als Oppositiounspartei dëser mëttelméisseger Iwwergangsregierung am Joer 2003 strikt op d'Fangere kucken, fir datt nom Fréijoer 2004, wat jo och eng Kéier elo kënnt, net just e faule Batz vum Apel fir déi iwreg bleift, déi dann d'Land regéieren. Ech soen Iech merci.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Dreemt weider, Här Asselborn. Dreemt weider.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

***(Interruption et hilarité)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een de President vun der LSAP elo grad héieren huet, da muss ee sech froen, wien him déi exzellent Ried geschriwwen huet, déi hien op dem honnertjähregen Anniversaire vun der LSAP gehalen huet.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Sécher net Äre Ghostwriter.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, frot emol den Här Di Bartolomeo, hie soll säi Mikro aus maachen. Dat ass fir jiddfereen heibannen. Hie mécht ëmmer seng Zwëscheriff iwwert de Lautsprecher.

Une voix.- Très bien.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dat war eist gutt Recht nach ëmmer gewiescht. Et huet nach keen eis gesot, dass mer dat net däerfen.

M. le Président.- Et ass esou, dass ee mat sengen Zwëscheriff normalerweis net direkt soll un de Mikro goen. De Mikro ass duerfir do, wann een opsteet a vu senger Plaz aus eng Erklärung gëtt.

Des voix.- Très bien.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- De Mikro spréngt automatesch un.

M. le Président.- Hei gëtt ee behandelt wéi deen aneren. D'Mikroe ginn ausgemaach. Si gi just ageschalt, wann een d'Wuert kritt. Da steet een op an da seet een dat, wat een ze soen huet.

Une voix.- Dat do wosste mir nach net.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, dat wat den Här Asselborn eis hei zum Beschte ginn huet, op d'mannst dat, wat hien iwwert d'DP gesot huet, war schlechte Cabaret.

***(Interruptions)***

Wa mir da solle vun de Privatschoule schwätzen, da muss ech dann emol d'Fro stellen, ob d'LSAP et fäerdeg bruecht huet an deene 15 Joer, wou se an der Regierung war, déi ofzeschafen, déi do sinn?

***(Interruptions)***

An da froen ech mech: Wann dat dann elo esou wier, datt mir d'Privatschoule géinge förderen, da wäre mir jo awer an enger onheemlech logescher Suite vun der LSAP, déi jo d'Konventioune mat de Kierchen ënnerschriwwen huet?

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Wat huet dat mat Privatschoulen ze dinn?

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, et geet ëm d'Crédibilitéit vun enger Partei, wann een haut...

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Lauschtert emol! Mir hunn éinescht dem Här Asselborn nogelauschtert, da lauschtert och elo dem Här Rippinger no! Hei huet jiddfereen d'Recht seng Meenung ze soen an et soll een net dauernd Kolleegen ënnerbriechen an domadder versichen, en Duercherneen eropzebeschwören. Dat ass onerhéiert esou eppes. Mir sinn hei, fir Gesetzer ze diskutéieren, wichteg Saachen, an dann ass et net, fir dauernd Witzer dertëschent ze maachen. Dat zielt fir deen een, wéi fir deen aneren. Loosse mer eis dach Disziplin operleeën an den Ordre du jour an aller Dignitéit hei erledegen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Mä den Här Rippinger provozéiert.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Hien huet net méi provozéiert wéi een aneren.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, ech hunn den Här Asselborn net bei senge kabarettisteschen Einlage gestéiert. Ech wëll also mäi Gedankegang hei zu Enn féieren. Wann een dobaussen d'Trennung vu Kierch a Stat prônéiert, an et geet een da Konventioune mat de Kierchen ënnerschreiwen, dann ass een net méi crédibel!

Aus der Interventioun vum Här Asselborn hu sech nach zwou Saachen erausgeschielt. Déi eng, dat ass: Wéi gäre wären d'Sozialisten nach an der Regierung a si géingen net nëmmen déi Säit Stengefort aus der Province de Luxembourg, wéi ee gesot huet, regéieren, si wäre souguer bereet dat ze maache vu Knokke-de-Zoute a vun Ostende, wa se nëmmen eis Plaz an der Regierung hätten.

***(Hilarité)***

Dat anert, wat ech elo och gemierkt hunn, ass: Wou sinn dann d'Alternative vun der LSAP, wann de President vun der LSAP hei optrëtt op dëser Tribün, an hien ass net capabel ze soen, wéi hien dann dee Budget opgesat hätt a wat hien a seng Partei aneschters gemaach hätten, wéi mir, déi an der Regierung sinn?

***(Interruptions)***

Dat, wat ech awer wollt soen, Här President, dat ass: Ech sinn absolut d'accord mat deem, wat de Budgetsminister hei gesot huet, besonnesch wéi hien nach eng Kéier betount huet, datt déi dräi Ministeren, an ech betounen dat, déi dräi Minister, déi am ECOFIN zesummeschaffen, eng ganz gutt Aarbecht bis elo geleescht hunn. Si hunn absolut den Appui, an zwar den totalen Appui vun der Fraktioun vun der DP, souwuel wat den automateschen Informatiounsaustausch ubelaangt wéi och wat d'Quellesteier ubelaangt.

De Budgetsminister huet dann dat ugesprach, wat gëschter de Bundeskanzler Schröder op enger Wahlversammlung gesot huet. Wat mech e bësse stéiert dorunner, dat ass, datt hie sech ausgerechent un deene klenge Länner geriwwen huet, u Lëtzebuerg an u Liechtenstein, a vun der Schwäiz huet hie guer näischt gesot. Ech muss soen: Dat ass da scho manifestement de mauvaise foi. Op jidde Fall fannen ech, datt eis Regierung, an déi Leit an der Regierung, déi sech ëm déi Saach do këmmeren, a fir Lëtzebuerg verhandelen, hir Saach gutt gemaach hunn. Mir sinn och gudder Déng, well mir der Meenung sinn, datt se dat zu engem gudden Enn féieren am Intérêt vun eisem Land.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussiounen ëm d'Regierungsamendemente leien natierlech an der logescher Suite zu deenen, déi mir elo d'lescht Woch ëm de Vote vum Projet de budget vum nächste Joer, also 2003, haten. Mir mussen dës Regierungsamendementen am Liicht vun de geännerten ekonomeschen Daten, vun deene mir dësen Hierscht Kenntnis geholl hunn, analyséieren. An den Debatten iwwert de Projet de budget fir d'Joer 2003 ass jo schonn ugeschnidde ginn, datt d'Regierung op déi nei Situatioun reagéiert huet, a - wéi mir mengen - gutt reagéiert huet.

De Projet de budget gëtt also an sengen Haaptakzenter duerch déi Mesuren, déi duerch d'Regierungsamendementer elo geholl ginn, net maassgeblech beeinträchtegt, dat mam Hannergrond, esou wéi et elo schonns dës Öftere gesot ginn ass, dass mir gesond Statsfinanzen hunn. Dat heescht eng minimal Statsschold, genuch Reserven, nach net ofgeruffe Provisioune vun de Banken, an dass d'Fonds d'investissement duerch d'Plus-valuën, déi déi lescht Jore gutt opgestockt gi sinn, och existéieren.

De Rapporteur, deem ech op dëser Plaz merci soe fir säin erëm äusserst ausféierleche Rapport, seet zu Recht an deem Dokument, dass de Rapport complémentaire an deene leschte Joren zu engem Routineakt ginn ass, wou et meeschtens RAS, dat heescht rien à signaler, geheescht huet.

Dat ass dëst Joer awer e bëssen aneschters, well wéi gesot, fundamental ännert sech näischt um Budget fir d'Joer 2003, a mir hunn dat virdrun a sengem mëndleche Rapport héieren.

Ech géif da kuerz op ee Punkt ze schwätze kommen, dee mech interpelléiert huet, wéi ech d'Loi budgétaire gelies hunn. Et geet do ëm eng Ëmännerung vum modifizéierte Gesetz vun 1993 iwwert d'Relance de l'investissement dans l'intérêt du développement économique. Déi Modifikatioun vun deem Gesetz gesäit vir, dass ee Régime fiscal, op Grond vu Certificats d'investissement en capital-risque, agesat gëtt, deen et erlabe soll, fir eben d'Investissementer en capital-risque an Entreprisen ze tätegen.

Dir kënnt Iech virstellen, dass mir dee Moment, wéi ech dat gelies hunn, erëm der LSAP hiren 21-Punkte-Programm an de Kapp komm ass, deen, wéi mir jo wëssen, dem Här Calmes sengem Rapport ferm ähnelt, wou jo och verlaangt ginn ass, dass een Instrumenter schafe soll, fir d'Entreprisen ze ënnerstëtzen. Nodeem ech jo de Pleséier hat, der LSAP hire Pabeier ausféierlech ze widderleeën, ass dat hei nach e Beispill dofir, dass d'LSAP näischt Neies proposéiert huet. A mir hunn hire President elo héieren, wat net schonns gemaach gëtt oder soll gemaach ginn, oder wat net vum Rapporteur sengen Iddien ofgekuckt ass. Op jidde Fall ass dat nach ee Beispill dofir, dass d'Politique de développement et de diversification économique op vollen Toure leeft.

Här President, d'lescht Woch hate mir eis erwaart, nodeems d'LSAP esou déck opgedroen hat, wéi déi nei Previsiounen iwwert de Wirtschaftswuesstum bekannt gi waren, dass si eis elo géinge soen, wéi een d'Land aus där Situatioun, an déi si et erageriet hunn, erausféiere kënnt. E Festival vu Rechtfertigung fir d'Maladresse vun deene leschte Wochen, wou se Panik gemaach hunn an duerch Konzeptlosegkeet geglänzt hunn, a sech duerch hiren 21-Punkte-Programm fir eng Standortoffensiv an den eegene Frack gegraff hunn.

Mir konnte feststellen, dass d'Interventiounen - an haut ass dat erëm d'Beispill gewiescht - sech méi duerch Alternativlosegkeet a bëlleg Kritik ervirgedunn hunn, wéi dass si e konstruktive Bäitrag dozou geleescht hätten, fir Pisten opzezeechnen, wéi mir eist Land aus dem Ofschwong erausmanövréiere kënnen. En tout cas ass doraus ze schléissen, dass dës Majoritéit dat richteg mécht. An och déi der Situatioun ugepassten Akzenter gesat huet, well soss wéisst si jo elo, wéi een et géif besser maachen.

Dat féiert mech zu der Schlussfolgerung, dass d'Oppositioun d'Politik vun dëser Regierung nëmmen approuvéiere kann, a selwer näischt aneschters, also keng aner Mesure wéi déi, déi dës Regierung geholl huet, och geholl hätt.

D'Regierungsamendemente gesinn dach eng Rei vun anere Modifikatioune vir, déi de Rapporteur ausféierlech erklärt huet. Et ass zréckzebehalen, dass et zu kenge fundamentalen Ännerunge kënnt, an de Projet de budget fir d'Joer 2003, duerch déi Dispositiounen, déi iwwert de Wee vun den Amendemente geholl gi sinn, am Equiliber ass a bleift.

Deemno brauch ech just nach eng Kéier, Här President, am Numm vu menger Fraktioun dëser Regierung eist Vertrauen auszespriechen, an hir fir déi besonnen Aart a Weis,

mat där si op dës Situatioun, déi eescht awer sécher net hoffnungslos ass, reagéiert huet, ze félicitéieren. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Madame Nicklaus ass mir sécher net béis, wann ech vun dëser Plaz aus bedaueren, dass mir an eiser Fraktioun keng Fra hunn. Dat ass e bëssen als Reproche duerchgeklongen. Ech wëll trotzdeem ze bedenke ginn, dass mir vill Fraen op eiser Lëscht haten, datt mir frou gewiescht wären, wann och Fraen op eise Lëschte gewielt gi wären, mä dat läit leschten Enns an der Hand vum Wieler, a virun allem, vun de Wielerinnen.

Dofir wëll ech menger Hoffnung Ausdrock ginn, datt bei den nächste Wahlen, nieft deene 7 Männer vum ADR, och nach 7 Fraen do vertruede sinn, fir datt d'Madame Nicklaus dann an där Bezéiung keng Beanstandung méi hei virzebréngen huet.

***(Interruptions)***

***(Hilarité)***

Här President, ech hunn dem Här Budgetsminister ganz opmierksam nogelauschtert. Hien huet seng Cause sou gutt hei verteidegt, wéi een dat ka maachen. Ech muss soen, et war fir eis aner net schrecklech vill Neies dobäi. Tatsaach ass, datt d'Regierung, op Grond vun deenen Daten déi virleien, d'Recetten erofgestuuft huet - et ass hinnen och soss näischt iwwreg bliwwen - an deementspriechend, fir de Budget am Equiliber ze behalen, och d'Dépensen erofgesat si ginn.

Mä mir wëssen alleguer, dass dat zum gréissten Deel op Käschte vun der Alimentatioun vun den Investitiounsfonge geet. Dat kann ee Kosmetik nennen, well domadder ass zwar de Budget erëm am Gläichgewiicht, mä mir wëssen awer, datt mir am nächste Joer wesentlech méi wäerten ausginn wéi mir erakréien, virausgesat d'Regierung hält Wuert, a si investéiert weiderhi wéi an deene Jore virdrun. An dat kann dauerhaft jiddefalls keng gesond Finanzpolitik sinn.

Den Här Budgetsminister huet an enger Réunioun vun der Finanzkommissioun gesot, d'Investissementer, déi geplangt wären, géingen ausgefouert ginn. Mä d'Regierung géing drun denken, fir se ze strecken.

Ech hunn d'lescht Woch schonn hei op d'Gefor higewisen, déi sech dorauser ergëtt. Wa mer d'Ausféierung, d'Duerchféierung vun den Investissementer strecken, dann heescht dat, datt d'nächst Joer manner aus öffentleche Fongen an dee Secteur erafléisst, datt manner Aarbechten exekutéiert ginn, an dat bedeit fir de Bausecteur mat Sécherheet eng Rezessioun, mat all deem, wat sech hannendrun ergëtt a punkto Emploi. A mir gesi jo, datt de Chômage rapid, besuergniserreegend klëmmt. Dat wäert där gefeierlecher Entwécklung, déi leschten Enns och erëm hiren negativen Impakt op d'Statsfinanzen huet, weideren Opdriff ginn.

D'Regierung an hir Majoritéit liewen an der Hoffnung, datt et geschwënn erëm besser geet. An dat ass jo déi grouss Diskussioun, déi sech stellt. Ass dat, wat mir elo erliewen, tatsächlech nëmmen e klenge konjunkturellen Abroch? Oder stellt sech fir d'Lëtzebuerger Land, fir de Lëtzebuerger Stat, déi fundamental Fro, datt mir fir d'Zukunft musse staark ëmdenken a staark ëmdisponéieren. Mir bleiwen der Meenung, och no deem wat den Här Budgetsminister hei gesot huet, datt mir eis un aner Zäite musse gewinnen, an zwar dauerhaft.

Wat ass dann déi lescht Jore geschitt? Hei gëtt vum Apel fir den Duuscht geschwat. D'Majoritéit déi gëtt net fäerdeg dem Land virzeféieren, wéi gutt datt se geschafft huet, a wéivill Reserven datt mir hunn, a wéi gutt datt mer elo kënne vun deene Reserve liewen.

***(Interruption)***

Neen, ech sinn net där Meenung. Et wär besser mir hätte keng.

Ech sinn awer der Meenung, datt déi Reserven haaptsächlech dohier stamen, datt d'Plus-valuën ëmmer méi déck ausgefall sinn, wéi d'Regierung et virausgesinn huet, an datt si deementspriechend selbstverständlech net am Stand war, déi Suen alleguerten auszeginn; a Gott sei Dank, mam Accord, mengen ech, vun alle Säite si se an d'Investitiounsfonge gefloss.

Ech wëll awer drop hiweisen, wann déi Chifferen déi ech esou matkritt hunn, richteg sinn, dann erstreckt sech déi eigentlech Budgetsreserv iwwer zwee Exercicen. An dat, wat mir nach an den Investitiounsfongen hunn, dat geet just duer fir déi nächst Joren. An da schwätze mir net vun deem - ech denken un dat, wat d'Madame Minister vum Enseignement d'lescht Woch hei erzielt huet -, wat alles nach u Schoulgebaier soll erstallt ginn, an da schwätzen mer net vun deenen aneren Investissementer.

Da musse mir eis wierklech d'Fro stellen, wann et e bëssen an deem Mooss virugeet, wéi et sech elo ofzeechent, wéi mir dat da finanzéiert kréien, ouni de Stat weider an engem iwwerdriwwene Mooss ze verschëlden.

Här President, mir wëssen alleguer, a mir hunn et vun alle Säiten iwwer Joren ewech gesot, op wat fir engem schwaachen Äis datt mir eis hei zu Lëtzebuerg bewegen, datt déi Finanzplaz selbstverständlech fir d'öffentlech Finanzen hei vum Land eng gutt Saach ass, a mir hoffen och bleift.

Mä mir sinn och net esou vill Illusionisten, datt mer net wëssen, datt mat der Erweiderung vun der Europäescher Unioun, déi 2004 op eis zoukënnt, Lëtzebuerg an deem ganze Concert ëmmer méi kleng gëtt an d'Stëmm vu Lëtzebuerg ëmmer manner ze héieren ass.

An ech behaapten nach eng Kéier, datt et eng Illusioun ass, fir sech dauerhaft drop anzestellen, datt d'öffentlech Finanzen hei zu Lëtzebuerg an deem Mooss vun der Finanzplaz kënne profitéieren, wéi dat an deene leschten zéng Joer de Fall war. An datselwecht gëllt, vläicht an e bësse méi ofgeschwächter Form, fir dat, wat mer de Bensinstourismus nennen. Dat ass deen een Aspekt.

Wat awer nach vill méi geféierlech a bedauerlech ass, Här President, dat ass datt déi verschidde Regierungen - net nëmmen dës, mä och déi virdrun - déi gutt Situatioun, déi mer haten, net esou genotzt hunn, fir dat Land hei op d'Erausfuerderunge vun der Zukunft virzebereeden, wéi dat hätt misse geschéien.

Ech denke fir d'éischt un d'Investitiounen: Schoulen, déi deelweis baufälleg sinn. Ech denken do zum Beispill un de Lycée Technique Mathias Adam, wou d'Schoulpersonal eis an der Réunioun vun enger Kommissioun gesot huet, si géife sech geschwënn net méi trauen d'Schüler nach doranner ze huelen, well et effektiv geféierlech wär fir d'Kanner. Esou Gebaier hu mir hei am Land. Et feelen eis och eng Partie Schoulgebaier, well schlecht Previsioune waren, an och well mer net capabel waren esou ze investéieren an deene gudde Joren, wéi dat hätt misste geschéien.

D'Spideeler, an ech hänke just ee Stéchwuert hannendrun, fir net ze vill Zäit ze verléieren: Rehazenter. Ass et net fir esou e räicht Land, wéi dat heiten, en Trauerspill sonnergläichen, datt mer no, ech weess net, 15 Joer Diskussioun nach ëmmer eréischt am Ufank vun der Realisatioun stinn?

Datselwecht betrëfft administrativ Gebaier. Ass et net en Hohn, datt eis Justiz, als eng vun deene wichtegsten Institutiounen am Land, an esou Brake sech muss bewegen, wéi dat hei de Fall ass? An datt mer elo nach eréischt um Ufank stinn, a wéi vill Joren et nach dauere wäert bis dass endlech déi nei Geriichtsgebaier da fäerdeg sinn?

Datselwecht betrëfft d'Kläranlagen. Den Här Strotz ass elo net hei, mä hie wär erfreet, wann ech erëm géing drun erënneren, dass mer laanscht d'ganz Musel erof keng Kläranlag hunn.

D'Transportinfrastrukturen. Mir hunn dëser Deeg matgedeelt kritt, wéi dramatesch d'Situatioun bei den CFL ass, wou mat Gefierer gefuer gëtt, mat deenen normalerweis kee privaten Transporteur méi däerft dohier fueren. Bei der CFL ass dat méiglech. An da gëtt gesot: Et mussen elo dréngend Milliarde bereet gestallt ginn, fir déi Transportinfrastrukturen ze moderniséieren.

Wat grad esou schlëmm ass, an do sinn ech mat mengem Virriedner Jean Asselborn absolut d'accord, dat ass d'Resultat vun der Schoulpolitik vun deene leschte 15 bis 20 Joer. Dat ass d'Katastroph fir d'Zukunft vun eisem Land, well leschten Enns wäert et, an ech widderhuelen dat, wat scho ganz vill Leit viru mir gesot hunn, op d'Matière grise vun eise jonke Leit ukommen, wéi dat Land hei sech an Zukunft an enger erweiderter europäescher Communautéit wäert verhalen. PISA ass manner d'Folleg vun Infrastrukturen, obschonn dat jo och e bësse matspillt, déi net adaptéiert gewiescht wären, wéi vun enger schoulinhaltlecher a personeller Schoulpolitik, déi net adaptéiert war op d'Besoine vun eiser Zäit.

Här President, mir hunn zwar pro Kapp déi deierste Schoul vun der Welt, mä mat déi schlechtste Resultater, déi ee sech denke kann. Et ass deemno, wa mer hei vum Budget schwätzen, net onbedéngt eng Fro vu Geld - well et gëtt elo verlaangt et misst nach méi dran investéiert ginn - wéi vu Fäegkeet, deen Unterricht esou ze reforméieren, wéi e misst reforméiert ginn, an zwar a Richtung Motivatioun, souwuel vum Léierpersonal wéi vun de Schüler, a vu Kompetenz. Wann ech soe Kompetenz, da schwätzen ech virun allem vun deene Leit, déi d'Schoulpolitik am Schoulministère maachen.

Datselwecht kann een op d'Justiz applizéieren. D'Justiz, déi ee vun de Pilieren, wann net dee wichtegste Pilier, vun engem Rechtsstat ass. Eng ganz Partie Affären, mir liesen et regelméisseg am Rapport vum Justizministère, gi klasséiert. De Parquet selwer bedauert dat an engem grousse Mooss. Si gi klasséiert, well eis Justizorganer der Saach net méi nokommen. Dat sinn d'Verhältnisser. Do kann een net méi vun engem Rechtsstat schwätzen, well jo hei arbiträr décidéiert gëtt, wie poursuivéiert gëtt a wien net.

A wann een da kierzlech de Communiqué kuckt, dee vun de Mëttelständler komm ass, deen déi dramatesch Situatioun bei der Faillite frauduleuse erëm eng Kéier stigmatiséiert huet, well leschten Enns eng ganz Partie kleng Entrepreneuren a Mëttelständler d'Affer si vun enger Politik, wou en etlech Leit, déi sech dra spezialiséiert hunn, fir Failliten ze organiséieren, sech dobäi ganz wuel spieren, well eis Justiz net d'Moyenen huet, fir se esou ze poursuivéieren, wéi se soll, dann ass dat fir e Rechtsstat dramatesch an inakzeptabel.

Wuerfir hunn ech dat alles opgefouert, Här President? Fir ze soen, dass mer an deene gudde Joren, an ech widderhuelen et nach eng Kéier, wou mer am Geld geschwomme sinn, et net fäerdeg bruecht hunn, net nëmmen déi Infrastrukturen esou ze adaptéieren, wéi se noutwenneg gewiescht wären, mä och intern an eisem Stat, eisem Statsgefüge an an eisen Institutiounen, déi Reformen duerchzeféieren, déi absolut noutwenneg gewiescht wären.

Ech denken dobäi och un d'Réforme administrative, dat sou genannten Monster vu Loch Ness, wat ëmmer erëm opdaucht an dann huet iergendeen et gesinn, awer et weess keen esou richteg, wéi et ausgesäit oder wéi et soll ausgesinn. Mir stellen op jidde Fall fest, dass sech och an där Bezéiung nach net vill verbessert huet. Ech denken an deem Kontext och drun, datt Lëtzebuerg virun net allze laanger Zäit, ech mengen, et war vun der OECD, eng déck Datz kritt huet fir d'Aart a Weis wéi eisen öffentlechen Déngscht au service du contribuable fonctionnéiert.

Här President, ech kommen zu mengem Fazit. D'Regierung huet trotz allem den Eescht vun der Situatioun nach ëmmer net erkannt. Si lieft weider an enger gewësser Illusioun, dass et esou géif virugoe wéi virdrun. Dofir gëtt jo och nëmmen e bëssen un der Oberfläch reagéiert a mir fueren emol virun an der Hoffnung, dass et dann d'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer, oder wéini dann och ëmmer, géing besser goen.

Ech froe mech zwar, Här Budgetsminister: Wa mer elo amgaang sinn, d'Arriréréen anzedreiwen, a mer kommen e bësse bäi a sollen dann no zwee oder dräi Joer Arriréréen andreiwen, déi et iwwerhaapt net gëtt, well jo an dëse Jore ganz besonnesch d'Banken net vill Benefisser kreéieren, a wann net vill Benefiss do ass, da falen normalerweis och net vill Steieren un, wéi Dir dann dee Moment dat Lach wëllt combléieren - virausgesat Dir sidd dann nach ëmmer fir d'Finanze verantwortlech an der nächster Regierung.

***(Interruption)***

Här President, op der enger Säit gëtt gesot: „Bei den Investitiounsausgaben" - an dat ass och richteg - „do wëlle mer weider investéieren, fir d'Wirtschaft net nach méi ze ralentisséieren." Op där anerer Säit sinn do d'Konsumausgaben, Här Minister.

Ech war verwonnert iwwert dee klengen Taux, deen Dir als Konsumausgab par rapport zum Gesamtbudget hei uginn hutt. Ech géif mengen, a wann ech de Statsminister richteg verstan hunn, da gehéieren zu de Konsumausgaben och d'Gehälter vun der Fonction publique. Wann een d'Alternativ huet - ech widderhuelen nach eng Kéier deelweis dat, wat ech d'lescht Woch hei gesot hunn -, da si mir op jidde Fall der Meenung, dass een net bei den Investitioune spuere soll, mä probéiere muss bei de Konsumausgaben ze spueren. An zu de Konsumausgabe gehéieren nun eemol och d'Gehälter an der Fonction publique.

Mir sinn nach wie vor der Meenung, dass dee leschten Accord salarial ënner falsche Prémissen ausgehandelt, ofgeschloss a votéiert ginn ass, an dass deemools festgehale ginn ass, dass, wann d'wirtschaftlech Situatioun sech géing verbesseren, noverhandelt géing ginn. Dat heescht, da géing nach eng Schëpp drop geluegt ginn. Mir sinn dofir och nach wie vor der Meenung, dass misst noverhandelt ginn am anere Sënn, vu dass d'Wuesstumschiffferen an d'Recettë vum Stat sech net esou entwéckelt hunn, wéi dat deemools virausgesinn oder virausgehofft gi war.

Mir wëssen - dat kann een hei roueg an ouni Näid soen -, dass mer hei zu Lëtzebuerg héich Gehälter ausbezuelen an der Fonction publique. Et gëtt Leit am Land, déi menge se wieren ze héich, an datt dat virun allem dem Mëttelstand a besonnesch jonke Mëttelständler et géif schwéier maachen, fir an déi Beruffer eranzegoen, well dëst Ongläichgewiicht ganz schwéier ze erdroen ass.

Dofir si mer der Meenung, dass kee grousst Ongléck géif geschéien, wann een op déi Augmentatiounen, déi virgesi sinn, ganz oder deelweis géing verzichten aus Virsiicht eraus. Mir sinn nach wie vor der Meenung, dass de Principe de précaution och an dëser Situatioun, wou eis finanziell Aussiichten net gutt sinn, sollt spillen.

Här President, ech kéim domadder zum Schluss. Mir gesinn no der Interventioun vum Budgetsminister keen neit Element, wat eis géif dozou féieren, fir dësem Budget eis Zoustëmmung ze ginn. Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann dës Regierung, a virun allem de Budgetsminister, nach esou oft op dës Tribün kënnt a Saache behaapt, déi een net ka beleeën, respektiv hei seet, datt verschidde Mesuren, déi dës Regierung geholl hätt, gewësse positiv Effekter gehat hätten, virun allem elo bei konjunkturellem Abroch, dann dréit dat nach net dozou bäi, fir se wouer ze maachen. An ech mengen een, deen an de leschten Deeg - inklusiv esou guer deelweis an der Wirtschaftsfinanzpress konnt een dat noliesen - dat genau gekuckt huet, dee kann éischter feststellen, datt d'Tendenz an d'Richtung geet fir eis Recht ze ginn an eiser Aschätzung, wou de grousse Problem läit bei de Statsfinanzen am Moment, an där Situatioun wou mer eis befannen.

Den Här Frieden huet hei nach eng Kéier gemengt missen ze widderhuelen, datt de Fait, datt d'Regierung e grousse Steierreduktiounsprogramm décidéiert huet am Joer 2000, deen 2001 an 2002 a Kraaft getratt ass, e positiven Effekt hätt op eis Konjunktur, op eise Wuesstum, an domadder och op eis gesamt Ekonomie an och op de Statsbudget. Ech hunn em déi lescht Woch hei, mat Chifferen à l'appui, an och souguer mat Aussoe vum Finanzminister vum Abrëll vun dësem Joer, beluegt, wéi falsch datt en do läit. An op alle Fall hunn ech him eppes hei beluegt. Dat ass, datt et sécherlech awer ganz gewot ass ze behaapten, datt déi exzessiv Steierreduktiounen do iergendeen Impakt gehat hätten op de PIB-Wuesstumsverlaf vun deem leschten annerhallwe Joer.

Ech wëll nach eng Kéier rappeléiere wouvu mer ausgaange sinn. Mir sinn am Joer 2000, wéi déi Steierreform décidéiert ginn ass, ausgaange vun engem Wuesstum vum PIB vun 8,9%, fir 2002 ze lande bei 0,1%. Mir sinn domadder un der Spëtzt wat d'Ofsacken an och d'Ofrutschen ubelaangt vun eisem Wuesstum an der Europäescher Unioun, nodeems mer virdrun och un der Spëtzt ware wat deen héchste Wuesstum ubelaangt. An et soll awer elo wann ech gelift kee mer hei wëllen erzielen...

M. le Président.- Den Här Minister wëllt lech eng Fro stellen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, den Här Minister ka mer herno eng Fro stellen. Ech wëll fir d'éischt meng Ausféierungen zu Enn féieren. Duerno

kann e selbstverständlech nach eng Fro stellen.

Wann et awer esou ass, datt mer 40 Milliarden al Lëtzebuerger Frang an deenen zwee Joer hu missen u Recetten ofginn, oder verluer goe loossen, fir derfir ze suergen, datt de Wuesstum, dee virdru bei 8,9% war, no annerhallwem Joer bei 0,1% ukomm ass, da muss een zumindest - esou guer wann een dat nach mécht, wat den Här Frieden mécht, nämlech e gleeft, datt et een Effekt hätt - soen, datt deen Effekt awer wierklech äusserst medioker ass. Dat ass dat mannst, wat ee ka soen.

Mä datt et net de Fall ass, dat hunn ech och d'lescht Woch hei beluegt. Dat beweise Steiersituatiounen an allen aneren europäeschen Nopeschlänner vun eis, a Frankräich, an der Belsch an an Däitschland. Ronderëm eis ass de Steierniveau, esou gutt bei de physesche Persoune wéi och bei de Privatbetriber, vill méi héich wéi zu Lëtzebuerg. De Wuesstum war zwar ni esou héich an deenen Nopeschlänner wéi bei eis hei, mä wat awer e Fait ass, dat ass, datt an deenen Nopeschlänner do den Abroch vum Wuesstum vum PIB bei wäitem net déi Dimensiounen erreecht huet, trotz méi héijen - a wesentlech méi héije - Steiere wéi zu Lëtzebuerg, wou mer higaange sinn an de Steierreduktiounsprogramm gesicht hunn, gewielt hunn, deen eigentlech historesch ass.

Ech hunn och d'lescht Woch hei gesot, datt et eigentlech net richteg ass fir ze mengen, et géing esou een direkten Zesummenhang ginn tëschent dem Fait, dass een d'Steieren esou massiv einfach senkt, an der Entwécklung vum PIB. Et gëtt sécherlech een Zesummenhang, dat hunn ech jo och net niéiert d'lescht Woch, tëschent Steierpolitik an och deementspriechend ze versichen d'Ekonomie ze steieren, respektiv ze versichen de Wuesstum unzekuerbelen, oder eventuell, natierlech wann een eng aner Steierpolitik mécht, en ofzebremsen. Et gëtt sécherlech een Effekt, mä en ass bei Wäitem net deen, wat dës Regierung eis wëllt wäismaache wéi en ass. An dat ass och ganz kloer, dat géing mat Sécherheet all minimal seriösen Ekonomist Iech hei bestätegen, datt et déi Relatioun, esou wéi d'Regierung se hei wëllt maachen, an deem Aspekt net ginn ass.

An da muss ech soen, wann ech dann hei héiere vun eenzelne Spriecher elo vun der Majoritéit, datt mer näischt ze bidde gehat hätte par rapport zu deem wat d'Regierung gemaach hätt, ma da muss ech soen, eleng de Fait, datt ech gesot hunn d'lescht Woch, datt mer net ee Steierreduktiounsprogramm décidéiert hätten, mä eng verdéifte Steierreform gemaach hätten, an datt mer bei där Steierreform vill méi virsiichteg gewiescht wäre wéi dës Regierung war, datt mer net d'Finanzkapassitéit esou op d'Spill gesat hätten, dat ass dach nu wierklech eng Alternativ par rapport zu dëser Regierungspolitik. Wat wëllt Der dann nach méi vun Alternativ wéi dat?

Elo ass natierlech d'Kand am Pëtz, an der Situatioun par rapport zu deem wat Dir, net mir, virun zwee Joer décidéiert hutt. Da kënnt Der eis net d'Reprochë maache kommen, mer hätte keng Alternativ ugebueden. Eis Alternativ wär gewiescht, datt mer am Joer 2000 eng Steierreform proposéiert hätten, déi och méi verdéiften Elementer gehat hätt, déi net mat der Géisskan geschitt wär an déi vill méi virsiichteg gewiescht wär, wéi dat wat dës Regierung gemaach huet.

De Fait - an dat ass jo eigentlech dee sprangende Punkt bei der Diskussioun, déi mer haut hei hunn -, wann de Budgetsminister eis hei seet haut de Mëtteg, et huet kee brutal Aschnëtter proposéiert, och net d'Oppositioun, beim Budget fir 2003, bei den Ausgaben vum Budget 2003, dann ass dat richteg. Mä ech wëll Iech awer soen, Här Frieden, wann awer eng Majoritéit e brutalen Aschnëtt gemaach huet, dann ass et dës Majoritéit. An zwar bei de Recetten, duerch déi Décisiounen, déi se 2000 geholl huet, mat deene Steierreduktiounsprogrammer fir 2001 an 2002. Dir hutt en extrem brutalen Aschnëtt gemaach bei de Recettë virun zwee Joer, wéi Der déi Décisioune geholl hutt. De Fait, datt mer nëmmen no annerhallwem Joer e Konjunkturabroch - annerhalleft Joer, dat ass net laang, mer wësse wa mer emol zréckkucken, an der Geschicht hate mer Phasen hei zu Lëtzebuerg, wou de Konjunkturabroch souguer am Minus war, wou mer mam Wuesstum esouguer an de Minus gaange sinn, wou déi vill méi laang ugedauert huet, a wou mer awer net en deementspriechend brutalen Abroch haten - esou rapid an de Statsfinanzen hate wéi dat heiten am ordinäre Budget. No annerhallwem Joer brénge mer et fäerdeg, datt mer vun enger Situatioun, déi ausgeet am Joer 2000 mat 40 Milliarde Plus-valuë bei de Recetten an eng Situatioun kommen, datt mer 2003 e Budgetsdefizit wäerten hunn.

Ech behaapten nach ëmmer, datt mer e Budgetsdefizit wäerten hunn. Ech deelen do éischter d'Aschätzung vun der Zentralbank wéi déi vun dëser Regierung, wéi et d'nächst Joer wäert ausgoen, am Joer 2003. Nämlech och esouguer wann d'Regierung d'Steiere vun 2002, d'Arriéréë vun 2002, déi Reserve méi schnell wäert andreiwen, wäerte mer et net ronn bréngen, fir 2003 ouni liichte Budgetsdefizit ofzeschléissen. Dat heescht, bannent annerhallwem Joer si mer vun enger Situatioun ausgaange vu 40 Milliarde Plus-valuen op e Budgetsdefizit.

Dat ass eng Glanzleeschtung, muss ech soen, fir dat fäerdeg ze bréngen. Ech wëllt Iech awer soen, datt mer Iech virun zwee Joer dovir gewarnt hunn, wéi Dir dee Programm gemaacht hutt, datt Dir géift riskéiere bei deem éischte klengste Konjunkturabroch - an ech muss Iech soen, ech hunn emol net gerechent, datt dee Konjunkturabroch esou brutal géif ginn, wéi deen hei war - ganz rapid a finanziell Schwieregkeeten ze kommen.

An da kënnt de sprangende Punkt. Wa mer haut scho wëssen, datt mer an engem Budgetsdefizit eigentlech real sinn, well wann een 2003 - an dat hunn ech d'lescht Woch jo gesot - géif reell berechnen op de Chiffere vun den Einnahme vun de wierkleche Recettë vun 2003 - an net datt mer et géifen acalculéieren wat mer andreiwe vu méi héije Recettë vu Reserve wat mer nach hunn, vun 2000 zum Beispill -, dann hätte mer jo schonn 2003 eng Situatioun, déi bei Wäitem net méi esou roseg géif ausgesinn, wéi se elo nach ausgesäit. Dofir hunn ech jo och behaapt, et wier well d'Regierung net wëll, zumindestens och no baussen, de Chiffer ginn, well de Budget friséiert a camoufléiert ass.

Mä da soen ech Iech, da kënne mer nëmmen alleguerten zesummen hoffen - dat hunn ech och d'lescht Woch hei gesot -, datt d'Konjunktur 2003, 2004 unzitt, well soss gëtt et ganz lëschteg fir d'Joren 2005 an 2006. Do ginn ech Iech awer d'Garantie. A wat da passéiert, zumools bei dëser Regierung, dat hunn ech och behaapt, an dozou stinn ech fest,…

***(Interruption)***

Da wär ze hoffen, Här Lux, datt mer dann eng nei hätten. Mä de Fall gesat, déi dote wär nach do, da wäert d'Situatioun esou sinn, datt dat wat den Här Frieden hei nach haut als Prunkstück vu Lëtzebuerg, vum soziale Modell Lëtzebuerg hei zum Beschte gëtt, nämlech datt mer bei eisem Budget 44% vun eisem Budget an de Sozialbudget ginn, datt do ganz zolidd d'Aaxt wäert ugesat ginn.

Dann hunn ech och souguer virun zwee Joer gesot, wéi Dir déi Steierreform do an deem Ausmooss décidéiert hutt, datt dat dote beim éischte Konjunkturabroch zur Konsequenz huet, datt am soziale Beräich d'Aaxt ugesat gëtt. Éischt Indicateuren dovunner hu mer jo zum beschte kritt an deene leschte Méint. Esouguer den Här Grethen huet op senger Foiresried als éischt Iddi gehat, fir mam Fanger op déi Leit ze weisen, déi de soziale Mindestloun verdéngen zum Beispill, a gesot, et misst ee sech Froe stellen, ob dat elo déi gutt Léisung wär, fir de soziale Mindestloun ze erhéijen.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.-* Ech wëll den Här Bausch froen ob en d'Ried gelies huet, well dat steet net dran an dat hunn ech net gesot.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Ech hunn Är Ried gelies, Här Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.-* Da kommt mer liese se zesummen no!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Mir kënne se zesummen och nach eng Kéier noliesen. Dir hutt duerno d'Saachen e bëssen an een anert Liicht gestallt, revidéiert, mä op der Foire hutt Dir Är Ried esou gehalen.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.-* Gitt Dir op den Internet, da kënne mer se hei zesummen noliesen! Da sot Dir mer, ob ech dat dote gesot hunn.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Mir doen eis zesummen an da maache mer et! Ech si gespaant!

Mä mer hunn, wéi gesot, eng ganz Rei Indicateure kritt, wou dës Regierung wëllt usetze wann effektiv déi Schwieregkeeten, an deene mer am Moment sinn, sech wäerte fortsetzen iwwer 2003, 2004 eraus. Dofir hunn ech och d'lescht Woch gesot: Dëser Regierung geet et am Moment just nach drëms fir ewech ze täuschen iwwer déi Feeler, déi se gemaach huet virun zwee Joer, a fir elo ze kucke fir bis 2004 de Juni iwwert d'Ronnen ze kommen, Wielerinnen a Wieler Sand an d'Aen ze streeën, an der Hoffnung, datt d'Schwieregkeeten eréischt antrieden no de Wahle vum Juni 2004, an dann natierlech wäerte mir eist blot Wonner hei zu Lëtzebuerg, dat kann ech Iech awer soen, mat Sécherheet erliewen.

An duerfir, Här President, huet mech natierlech dat, wat haut den Här Frieden an deem Kontext gesot huet, kee Millimeter iwwerzeegt. Den Här Frieden weess och ganz genau, datt en an enger schlechter Situatioun ass, an och de Finanzminister weess, datt en an enger schlechter Argumentatiounslinn läit, fir dat doten ze verteidegen, well ech hunn d'lescht Woch hei virgelies, wat en nach am Mee vun dësem Joer op der Tribün gesot huet, an do huet e jo d'Chifferen nach net kannt, datt dank deene grousse Steiererliichterungen et fäerdeg bruecht gi wär, datt zu Lëtzebuerg de Wuesstum net ënner 3% vum PIB géing falen. Dräi Méint, oder fënnef Méint, duerno huet sech erausgestallt, datt déi Steiererliichterungen et emol net fäerdeg bruecht hunn ze erreechen, datt de Wuesstum iwwer 0,1 % bleift.

Am Abrëll vun dësem Joer huet een nach gesinn, a wat fir enger Illusioun dës Regierung gelieft huet. An ech hunn dat och gesot d'lescht Woch, datt d'Illusioun dra bestanen huet, datt mir zu Lëtzebuerg et géinge fäerdeg bréngen, genau wéi an deene leschte Jore virdrun, egal wat ronderëm eis geschitt, iergendwéi et géife fäerdeg bréngen hei zu Lëtzebuerg e Wuesstum vum PIB ze behale vu 4%. An déi Stéiererliichterungen, déi Dir gemaach hutt virun zwee Joer, waren tabléiert op e kontinuéierleche Wuesstum vu 4% vum PIB, an deementspriechend och vu kontinuéierleche Recetten an där Héicht. Dir kënnt eis elo hei ziele wat Dir wëllt, d'Chiffere schwätzen do eng aner Sprooch.

Ech wëllt nach, Här President, eppes soen zu där Motioun, déi ech haut eragereecht hunn. Mir hu jo vill Diskussiounen de Moment iwwer eise Finanzsecteur. All si mir heibannen eis jo anscheinend eens, datt mir höllesch mussen oppassen, wa mir d'Produktpalette vun eisem Finanzsecteur nach méi diversifiéieren. An ech hunn eng Initiativ geholl, déi ass elo iwwer e Joer schonn hier, wéi ech eng Proposition de loi hei déposéiert hunn, fir och hei am Land déi Schinn um ethesche Banking ze förderen. Ech hunn dat gemaach, well ech der fester Iwwerzeegung sinn, datt dat fir Lëtzebuerg eng ganz Rei positiv Elementer ka bréngen.

Dat éischt, datt ass natierlech emol en direkte praktesche Grond. Et ass zimlech kloer, datt duerch d'Loi Rau fir den nationale Marché en Instrument verluer gaangen ass, wouduerch kleng a mëttel Betriber déi néideg Kapitalië konnte kréien, fir verschidde Saachen ze realiséieren. Do brauche mir, menger Meenung no, awer en Ersatzprodukt, och wann de Marché sécherlech limitéiert ass an sech do net, loosse mir emol soen, am Kreditgeschäft insgesamt, fir d'Finanzplaz e grousst Geschäft ze erwaarden ass, mä do geet et méi drëms, fir awer déi Chance net ze verpassen, datt mir weider do Projete kënnen ënnerstëtzen an deenen nächste Joren, Projeten, déi wichteg sinn. Ech hunn a menger Proposition de loi nëmmen zwee, dräi der als Beispill opgezielt, wat ech dorënner verstinn. Duerfir erspueren ech mir et, fir dat elo nach eng Kéier hei ze widderhuelen.

Een zweete Volet ass natierlech, datt duerch de Fait, datt mir an déi do Richtung ginn, an Europa a souguer international hëllefen dee Secteur weider opzebauen, hëllefe mir natierlech och d'office mat, fir ekologeschen a soziale Beräicher méi eng grouss Chance ze ginn. An ech mengen, datt dat noutwendeg ass a wierklech extrem wichteg ass. Dat erliewe mir am Moment all Dag u vielfältege Beispiller.

Een zweete Punkt, vun deem mir hei kënne profitéieren, dat ass natierlech fir d'Bankeplaz selwer, déi am Kader vun enger intelligenter Diversifizéierung ass, haaptsächlech och zum Beispill d'Unzéie vun deenen ethesche Fongen op Lëtzebuerg, deenen eng Nisch hei unzebidden, sécherlech zwar beschränkt. Ech wëll net behaapten, datt een domadder Wonner bewierkt, datt mir domadder géifen d'Finanzplaz retten, mä et ass sécherlech eng Nisch, déi interessant ass ze suivéieren, an et ass virun allem och eng Nisch, déi am Opwand ass. Dir braucht nëmmen ze kucken, haaptsächlech am ekologesche Beräich, déi Fongen, déi am Ausland täteg sinn, zum Beispill am Beräich Solarenergie oder Wandenergie, datt déi an deene leschte Joren e groussen Opwand erlieft hunn, an ech mengen, datt et duerfir och noutwendeg ass, déi Nisch ze besetzen.

An da kënnt en anert Argument derbäi, wou ech och géing drop hiweisen, datt Dir dat net sollten ënnerschätzen, dat ass, datt et och bei de Pensiounsfongen ëmmer méi eng grouss Roll spillt. Mir wëlle jo déi grouss Pensiounsfongen op Lëtzebuerg unzéien. Dir wësst an Zwëschenzäit, datt déi grouss Pensiounsfongen all aus de Vereenegte Staten kommen, wou oft gewalteg Zommen dra sinn, Zommen, déi awer meeschtens enger onwahrscheinlecher grousser Mass vu relativ klenge Leit gehéieren. E klenge Pensionär an de Vereenegte Staten, niewent dem Fait, datt en natierlech gären e gudde Rendement hätt, fänkt awer elo u sech ëmmer méi Froen ze stellen, wou seng Gelder placéiert sinn a ginn, a wat mat deene Sue geschitt.

Dofir gëtt et ganz däitlech eng Tendenz bei deene groussen amerikanesche Pensiounsfongen, fir ze versichen, wéinstens minimal ethesch Kritäre bei deene Fongen anzeféieren. Den Drock, dee gëtt ëmmer méi staark, well et läit natierlech op der Hand, datt och déi Leit net wëllen, datt hir Suen, obwuel se gären een héije Rendement hätten, an egal wat gestach ginn, a woumat dann natierlech Saache kënne finanzéiert ginn, déi fir si selwer, awer virun allem fir hir Kanner an Enkelkanner grouss Risiken duerstellen.

Wéi gesot, et ass eng Nisch, déi een net soll ënnerschätzen, awer och net iwwerbewäerten. Ech mengen, datt Lëtzebuerg, virun allem duerch deen enormen Know-how, dee mir hu bei den Investmentfongen, sécherlech do kéint eppes maachen.

Deen drëtte Punkt a leschte Punkt, dat ass deen Imagegewënn, dee Lëtzebuerg kann doduerch kréien. Mir sinn de Moment an enger ganz heikler Situatioun, wat d'Verteigegung vun der Finanzplaz ubelaangt. Alles wat mir kënnen un Argumenter kréien, déi éischter méi positiver Natur sinn, fir datt den Image sech vun der Finanzplaz verbessert, si sécherlech wëllkomm. Et ass fir de Finanzminister bestëmmt méi einfach, eis Finanzplaz ze verteidegen, wann en och kann esou Méiglechkeeten opweisen, datt Lëtzebuerg ganz geziilt esou Saache wéi déi do fördert, wéi wann en dat Argument net huet. Dofir, mengen ech, datt och aus deem Grond deen Aspekt fir eist Land wierklech net ze ënnerschätzen ass.

Ech sinn elo iwwert ee Joer amgaang op deem Dossier ze schaffen. No menger Proposition de loi hu mir eng ganz Rei Seminären an och Fachtagunge gemaach mat international unerkannte Bänkeren zu Lëtzebuerg. Ech wëll Iech soen, mir haten eng Fachtagung d'lescht Joer, wou iwwer 50 international Bänkeren zu Lëtzebuerg waren, déi mir invitéiert haten. Den Echo op dee mir gestouss sinn a ganz ville Finanzmilieuen war duerchwegs positiv. Ech muss och soen, och bei den ONGen ass den Echo immens positiv. Och an der Press ass déi Iddi zimlech konstruktiv a positiv beliicht ginn. Ech hat souguer mam Finanzminister eng Entrevue d'lescht Joer, dee selwer gesot huet, datt en déi Iddi géif sympathesch fannen, an datt e bereet wär an där dote Richtung ze légiféréieren.

Et geet mir och net drëms, datt meng Proposition de loi soll ëmgesat ginn; déi war geduecht, fir den Denkustouss ze ginn. Ech mengen, dat sollt d'Basis bidden. Mir hunn entre-temps eng ganz Rei aner Argumenter zousätzlech geliwwert, Pabeiere geliwwert, Ënnerlage geliwwert. Et geet elo drëms, fir Neel mat Käpp ze maachen, fir dee ville gudde Wëllen, wéi hei verkënt ginn ass, dee géing bestoen, och beim Finanzminister, an déi vill Sympathien, déi mir dauernd iwwerbruecht kritt hunn, datt mir déi endlech sollten ëmsetzen. Dofir hunn ech déi Motioun hei gemaach, déi relativ oppe gehalen ass. Déi eigentlech als Haaptausso huet, als Kärausso huet, datt d'Regierung soll d'Verwaltung ustellen, fir an deem hei Beräich eppes ze ënnerhuelen. Ech hoffen, datt de Finanzminister ze deene Wierder steet, déi e mir virun engem Joer gesot huet, an datt en an deem Dossier elo hei wäert Neel mat Käpp maachen.

Deementspriechend hoffen ech natierlech och, datt meng Motioun op e fruchtbare Buedem fält, dat heescht, vun dësem Parlament mat grousser Majoritéit, kann ugeholl

ginn. Fir de Rescht, Här President, wëll ech lech soen, ass et fir eis, an dat geet aus menge Wierder ervir, ganz kloer, datt mir dëse Budget awer net wäerte stëmmen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir, menger Budgetsried vun der leschter Woch nach e puer Iwwerleeunge bäizefügen.

Wat mer haut bei de Steiereinnahmen am Budget feststellen, dat ass keng kuerzfristeg Enwécklung, et ass d'Resultat vun enger Standuertpolitik, wéi se an deene leschte 15 bis 20 Joer hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass. Et ass géint 1980, wou de Wuesstum zu Lëtzebuerg säin Envol geholl huet, a vun do un nëmme gewuess ass par rapport zu deenen anere Länner vun der EU. Dee Wuesstum ass zréckzeféieren op dat, wat de Guy Schuller am Forum genannt huet: „Une certaine endogénisation (transfert vers l'intérieur) de la croissance". An anere Wierder, Lëtzebuerg huet sech op d'Käschte vum Ausland entwéckelt. Dat ass deen eigentleche Modell Lëtzebuerg. Dohier kënnt och den Apel fir den Duuscht.

Den éischte Faktor vum Modell Lëtzebuerg ass déi entscheedend Roll vun der Bankeplaz, dat wësse mir alleguer, an zwar duerch dat massiivt Unzéie vun onversteierte Gelder aus dem Ausland, an duerch d'Unzéie vu Frontalieren, déi zwee Drëttel vun de Beschäftegten op der Bankeplaz ausmaachen, a fir déi keng Infrastrukturausgaben an den Ursprongsgéigende vun deene Leit ufale fir Lëtzebuerg, an déi och keng Nofolgekäschte mat sech zéien, wann emol eng Kéier muss ofgebaut ginn. De Fonds monétaire international huet an deem Zesummenhang vun enger Offre élastique de main-d'oeuvre geschwat. Ech hunn dat a menger Budgetsried développéiert.

Den zweete Faktor vum Modell Lëtzebuerg ass déi massiv iwwerduerchschnëttlech Reduzéierung vun de Betribssteieren an deene leschte Joren.

Vun 1986 bis 2002 ass de Besteierungssaz vun de Betriber, den Impôt sur le revenu des collectivités, vu 40% - esou wéi en 2002 nach an der Belsch ass - op 22% erofgefall, an ass domat bei Wäitem deen niddregste vun all eisen Nopeschlänner.

Ech froe mech, ob net esouguer bewosst während laange Joren déi Réckstänn net agedriwwe gi sinn, fir de Banke schonn e Virschoss ze ginn op d'Steierreform déi duerno komm ass. Dorop deit op jidde Fall dee krasse Personalmangel am Steierbüro 6 hin, an den Informatiksdefizit, deen an der Steierverwaltung ze bekloen ass.

D'Gewerbesteier vun de Gemengen ass och duerch successiv Reformen ausgehielegt ginn. Dozou bäigedroen huet d'Tatsaach, dass d'Gemengen an d'Öffentlechkeet am Donkele gelooss gi sinn, wat fir Betriber a wat fir Wirtschaftssecteuren iwwerhaapt vun där Steier betraff sinn.

Wéi ass awer eng lokal a regional Industrialiséierungs- an Diversifizéierungspolitik méiglech, wann d'lokal Acteuren iwwert dat wichtegst Instrument vun der Gemengenautonomie an Onkenntnis gelooss ginn? Béid Steieren also, den Impôt sur le revenu des collectivités an d'Gewerbesteier vun de Gemengen, ginn haut virun allem vun de Banke gedroen, zu iwwer 60%. Si sinn eigentlech keng breet Gewënnsteier méi, wat si am Ufank nach waren.

Déi verschidde Regierungen hunn also an engem gewësse Sënn eng Concurrence déloyale bedriwwen, déi haut zum Steierdumping an Europa bäidréit. A wann elo Däitschland datselwecht mécht, mat där Politik, vun där de Minister Frieden virdru geschwat huet, an och elo eng „Abschlagssteuer" amplaz eng wierklech Steierkontroll, als Alternativ zur Verméigenssteier, wëll aféieren, dann huet Lëtzebuerg do, gewëssermoossen, e Wee virgezeechent. A wéi Lëtzebuerg bei där Konkurrenz dann an e puer Joer ausgesäit, dat musse mir dann nach alleguerte gesinn.

Wann elo iwwert déi europäesch Betribssteier diskutéiert soll ginn, dann huet och Lëtzebuerg de Wee vun enger neoliberaler Orientéierung virgezeechent, wat awer d'Chancë vun engem sozialen Europa wesentlech aschränkt, an domadder och d'Chancë vun de Leit an eisem Land an esou engem Europa.

Den drëtte Faktor vum Modell Lëtzebuerg ass, menger Meenung no, déi massiv Erofsetzung vun de Sozialllaaschten. Si ass virun allem op d'Fiskaliséierung vun der Sécurité sociale zréckzeféieren. An anere Wierder, d'Patrone bezuele manner Kotisatiounen, déi duerfir de Stat iwwerhëlt. An de Stat finanzéiert se aus den allgemenge Statssteieren, also och aus de Steieren op de Léin an de Gehälter, an aus der TVA. Dobäi sinn déi Kotisatiounen esou eppes wéi en indirekte Loun, dee bei den direkte Loun dobäikënnt. Et ass eng Unerkennung duerch de Betrib, beim Ausbezuele vun de Léin selwer, dass mënschlech Aarbecht net nëmmen eng Valeur marchande huet, mä dass si e fundamentale Wäert an eiser Gesellschaft ass.

D'Commission du Travail schwätzt vun enger Valeur fondamentale, wa se zum Beispill vum Mindestloun schwätzt. Ech fannen, dass hei de Fall ähnlech gelagert läit. Et ass d'Unerkennung duerch de Betrib, dass deen, deen d'Aarbecht notzt - an deem Fall de Betrib - och eng direkt Verantwortung huet vis-à-vis vum Träger vun där Aarbechtskraaft, wann hien zum Beispill krank, schwanger oder al ass, oder wann hie sech ëm d'Kanner bekëmmere muss, oder wann hie sech weiderbilde wëllt, wat jo och am Interesse vun enger harmonesch entwéckelter Gesellschaft ass. An et ass d'Unerkennung vun der Tatsaach, dass d'Aarbecht niewent den natierleche Ressourcen de wichtegste Produktiounsfacteur ass, deen d'Wäerter an eiser Gesellschaft schaaft. An ech fannen, dass dat ganz dack bei den Diskussioune vergiess gëtt.

Wann een also d'Käschte fir d'Betriber - an alleguerten d'Regierungen hunn et bis elo an deene leschte 15 bis 20 Joer gemaach - erofsetzt, eleng aus Konkurrenz a Standuertgrënn, ouni gläichzäiteg dat u sozial Obligatiounen ze bannen, kann dat nëmmen an d'Katastroph féieren, virun där mir elo riskéieren ze stoen.

Här President, am internationale Konkurrenzkampf war Lëtzebuerg bis elo op der Gewënnersäit. Mat Hëllef vun deem Surplus vum Produit intérieur brut par rapport zu den europäeschen Nopeschlänner, konnt e gewëssene sozialen Niveau mat Sécherheet gehale ginn, deen deelweis iwwert deem vun eisen Nopeschlänner läit, an deen och de soziale Fridde garantéiert huet. An dat ass och ouni Zweiwel en Aspekt vum Modell Lëtzebuerg.

Dat ass iwwert de Wee vu relativ héijen Nettoléin geschitt, an deenen awer strukturell d'Primen ëmmer méi eng grouss Roll spillen: Et handelt sech also net méi, zu engem gudden Deel, ëm fest Basisléin. Et ass iwwert de Wee vu staatlechen Zouschëss an d'Sozialversécherung geschitt an et geschitt duerch breet gefächert sozial Zouschëss a Steierreduzéierungen.

Elo awer, wou de Pendel vun der Geschicht mat rasender Geschwindegkeet riskéiert op eis zréckzefléien, Här President, muss se mir eis awer besënnen, wéi mir weiderfueren, ouni iwwerflësseg Polemik, déi heiansdo hei an deenen Debatten iwwerweit, mä wierklech seriö, fir dass mir net riskéieren, dass dee Batz vum Apel, wouvun den Här Asselborn geschwat huet, eis no e puer Joer am Hals stieche bleift.

Läit de Problem prinzipiell an der Nischepolitik? Ech mengen net. E klengt Land ass forcément op eng gewëssen Nischepolitik ugewisen, et hänkt alles dovun of, wéi een esou eng Nischepolitik definéiert. Op jidde Fall net esou, wéi dat an deene leschte Jore geschitt ass, wou Lëtzebuerg méi ongläich a méi ofhängeg ginn ass. Et gëtt och keng fäerdeg Alternativen an där Fro, an den internationale Faktor ass selbstverständlech entscheedend wichteg.

Ech wëll hei net d'Finanzplaz prinzipiell a Fro stellen. Et kann ee sech wuel virstellen, dass e gewësse finanztechneschen Know-How vun der Finanzplaz och nach eng Zukunft huet, an engem harmoniséierte fiskaleschen Ëmfeld an Europa. Mä da muss Lëtzebuerg vläicht emol méi kloer no bausse weisen, dass eist Land domat och eng Politik verfollegt, déi där harmonescher, wirtschaftlecher a sozialer Entwécklung vun deem Anzugsgebitt déngt, aus deem och d'Leit, déi der Bankeplaz zum Erfolleg hëllefen, kommen, also och d'Frontalieren. Ech mengen also, dass eng regional Politik an nächster Zäit muss entwéckelt ginn.

Et muss och eng Investitiounspolitik gemaach ginn, déi d'Capacitéiten notzt, déi et hei an der Géigend gëtt. Firwat soll een net zum Beispill denken un öffentlech Investitiounsfongen zur wirtschaftlecher Entwécklung, an dat och a Gebidder, déi bis elo vun der Privatwirtschaft dominéiert waren. Eventuell och esouguer a Form vun Economie mixte, awer mat staarke sozialen an ekologeschen Oplagen.

Och d'Fro vun der Economie solidaire kéint een ënnert deem Gesiichtspunkt gesinn, an net als - wéi dat elo geschitt - zäitweileg Beschäftegung vu précairen Aarbechtskräften, déi d'Opfer gi si vun der aktueller Terreur économique op de Bourssen.

Déi eenzeg Diversifikatiounspolitik vun der Regierung schéngt awer doran ze bestoen - an dat huet och de Budgetsrapport bestätegt -, dass sech d'Been am Ausland stompeg gelaf ginn op der Sich no kapitalkräftegen Investisseuren, oder d'Knéie wonn geriwwe gi bei Besich bei de Maisons-mère vun deenen hei am Land ugesidelte Filialen.

Nach eng Kéier prinzipiell zur Fro vun de Steieren, dat ass jo, mengen ech, déi Fro, déi déi Diskussioun hei ëm de Budget iwwerbestëmmt, wann net quantitativ de Moment, dann awer qualitativ.

Déi keynesianesch Wirtschaftsmodeller, déi zu deenen "trente glorieuses" an Amerika an an Europa gefouert hunn - dat wësse mir alleguer -, hunn op héije Prélévementer aus der Wirtschaft berout, op héije Betribsgewënnsteieren an och op enger substanzieller Besteierung vun den héije Léin, déi dann iwwert de Sozialstat, den Etat providence, ëmverdeelt gi sinn, an domadder eis Gesellschafte relativ egalitär, an och relativ sozial gerecht gemaach hunn.

Déi lescht 20 Joer waren en erfollegräiche Versuch, Här President, fir déi Entwécklung wäitgehend zréckzedrängen. Wat muss een also elo maachen? Ech mengen déi Entwécklung vun deene leschte Jore muss gestoppt ginn. Mä fir wouhinner ze kommen?

Menger Meenung no misste bei alle Léisungen d'Autonomie vun de Mënschen an d'Egalitéit vun de Leit ënnerenee bestëmmend sinn. Wat awer och dacks an deem bürokrateschen Etat providence, wéi mir e kannt hunn, net onbedingt de Fall war, woufir och grad do déi neoliberal Kritik usetzt.

Ech mengen also net, dass et en einfacht Zréck ka ginn zu där Situatioun vu virdrun, well d'Geschicht kennt wéineg Situatiounen, wou et een einfacht Zréck gëtt.

Ech wëll e puer Iwwerleeungen dozou maachen. Éischtens brauche mir en héijen Niveau vu Steieren, well mir brauchen och en héijen Niveau vu Service public. D'Aufgabe vum Stat a vun de Gemenge wuessen, well d'Leit Recht op en anstännege Liewensniveau hunn, deen nëmmen öffentlech demokratesch kontrolléiert Servicer garantéiere kënnen.

D'Budgetsausgaben, am Verglach zum PIB, sinn awer zënter 1990 tendenziell erofgaangen, a bedroen 2002 nach 26,9%, am Verglach zu 29,9% 1990. Opscho jo ëmmer drop higewise gëtt, dass Lëtzebuerg méi en héijen Investitiounsniveau hätt, wéi aner europäesch Länner, oder wéi den europäeschen Duerchschnëtt. An am Verglach zu deene Budgetsausgaben sinn d'Gemengeneinnahmen nach vill méi erof gaangen, an domadder och d'Gemengenausgaben.

Zweetens schéngt et mer also noutwendeg ze sinn d'Steieren an d'Luucht ze setzen, mä fir wat fir eng Steierpolitik ze maachen? Sollen d'Steiere virrangeg op de Benefisser leien? Oder sollen d'Steiere virrangeg um Konsum opgehuewe ginn? An dohanner verstoppt sech d'Fro: Wëlle mer eng Ëmverdeelung vum Räichtum, oder wëlle mer keng Ëmverdeelung vum Räichtum?

Sollen héich Nettoléin an héich Steieren dodrop bevirzugt ginn, oder awer en héijen Niveau vu solidarescher sozialer Sécherheet nom Bedarfsprinzip, an domadder zum Beispill och héich Cotisations sociales? Dat éischt ass eng inegalitär Léisung, dat zweet ass eng egalitär Léisung.

Drëttens, soll ee fueren iwwert de Wee vu käschtendeckenden Taxen, héijen indirekte lokale Steieren, wéi zum Beispill eng Taxe d'habitation, wéi et se a Frankräich gëtt, oder iwwert de Wee vun enger ondifferenzéierter a massiv erhéichter Grondsteier? An doniewent maache mer dann eng geziilte Sozialpolitik, an deem mer déi Leit ënnerstëtzen, déi déi Taxen net bezuele kënnen.

Oder loosse mer d'Servicer ënnert dem Gestehungspräis sinn, esou wéi se elo a ville Gemengen nach sinn, a mer maache se domat accessibel fir jiddfereen, zum Beispill eng bëlleg Entrée an d'Schwemm, fir nëmmen ee Beispill ze nennen. A mir finanzéieren dat, wat dann an der Keess feelt, iwwer staark ëmverdeelte Steieren, wéi zum Beispill d'Gewerbesteier.

Et ass kloer, dass déi zweet Léisung eng ass, déi op der Egalitéit an um Selbstwäertgefill vun de Leit berout, an domadder grad an de Gemengen de sozialen Zesummenhang fördert, do wou d'Leit am nooste beienee sinn, während déi éischt éischter, menger Meenung no, d'Aarmutt géif stigmatiséieren an et kéint een dat och nach eng gewësse Caritas-Politik nennen. Mir erhéijen d'Steieren, awer gläichzäiteg gi mer deene Bedürftegen dann eppes, wa se op den Aarmebüro kommen. Do sinn also verschidde gesellschaftlech Konzeptiounen hannert deene verschiddene Léisungen.

Den Innenminister awer, a mat him d'ganz Regierung, well déi ass jo kollektiv verantwortlech, wëllen d'Gemenge ganz kloer an déi eng Richtung drängen, andeem se d'Gewerbesteier erofsetzen, déi eng staark ëmverdeelend Wierkung huet, an wëllen d'Gemenge forcéiere, hir Taxen ondifferenzéiert käschtendeckend ze gestalten.

Véiertens, wat fir eng Sozialpolitik wëlle mer? Wëlle mer eng Sozialpolitik, déi d'Leit bevirmont a kontrolléiert, wat emol en Ekonomist als „Fiscalité titulaire" bezeechent huet? Da gi mer hinnen den RMG, a mer schécke se op d'Arbeitsamt an an déi sou genannt Mesures de placement.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat viru kuerzem d'Geleeënheet, eng Stonn op engem Arbeitsamt ze verbréngen. Abee, wat een do u Frustratiounen an Agressioune fënnt, déi do opgestaut sinn ënnert deene Leit, déi do musse waarden, an ze hoffen eng Aarbecht ze kréien, dat ass einfach onbeschreiflech.

An dofir mengen ech, dass mer musse Léisunge sichen, fir d'Aarbecht ganz anescht ze verdeelen. Wat zwar ganz schwéier ass, well et och staark einschneidend ass, wat déi allgemeng Mentalitéiten ugeet, mä dat geet dann éischter a Richtung, wat Dir ni wëllt heibannen héieren, vun Aarbechtszäitverkierzungen, vu Weiderbildungs- an Erzéiungscongéen, vu Congés sabbatiques zum Beispill, vu Salaires universels, oder vun engem allgemenge Statut du travailleur, oder zum Beispill a Richtung vun enger Ausdehnung an Demokratiséierung vun der Sécurité sociale, amplaz dass de Moment just de Géigendeel geschitt.

Fënneftens ass och d'Fro vun enger anerer Bildungspolitik gestallt. Dat huet PISA iwwergrouss un d'Schoultafel geschriwwen. Hei muss déi al Erkenntnis, menger Meenung no, iwwerdroe ginn, déi am Sport gëllt, dass nëmmen de Breedesport och wierklech nohalteg e Spëtzesport kann ervirbréngen.

Wat heescht dat op d'Schoul iwwerdroen? Mir mussen dann, eiser Meenung no, fir eng Gesamtschoul sinn, déi humanistesch a polytechnesch ausgeriicht ass, an déi wéinstens usazweis, a bis zu engem gewëssen Alter, souwuel d'Gedankegebaier vun der mënschlecher Philosophie, wéi d'Erkenntnisser vun der modernster Naturwëssenschaft, wéi d'Erfahrunge vun der aktueller Beruffswelt an hirer ganzer Villschichtegkeet un all Kanner iwwerdréit, ier et zur Spezialisatioun kënnt.

An dat setzt dann och eng demokratesch Universitéit viraus, déi net esou reng utilitaristesch kann ausgeriicht sinn, wéi deen angelsächsesche Modell, deen eis elo vun der Madame Minister virgesat gouf, wou esouguer scho Rieds ass vu Gebühren, fir sech do iwwerhaapt anzeschreiwen, sou wéi dat an Amerika de Fall ass. Et steet zwar nach net dran, mä theoretesch ass schonn déi Eventualitéit an d'A gefaasst ginn, an enger Sitzung vun där Kommissioun déi sech domadder befaasst, wou ech konnt dobäi sinn.

Ech mengen also, dass dee Choix de société, deen an deene leschte Jore getraff ginn ass, elo net méi kann esou tel quel weidergefouert ginn. An d'Fro stellt sech, wat fir e Lëtzebuerg mer a wat fir engem Europa wëllen. An hei sinn de Moment all Weeër op. Woubäi een awer kann op gewësse positiv Erfahrungen an der Geschicht zréckgräifen, wéi zum Beispill, dass eist Land e staarken industrielle Background huet, mat senger ganzer sozialer Kultur, niewent sengen neisten Erfahrungen am Déngschtleeschtungsberäich.

Dass och eng gewuessen ekologesch Sensibilitéit do ass bei de Leit, dass mer eng grouss Erfahrung hunn an der Intégratioun vu ville Leit aus ville verschiddene Géigenden, an dass mer och eng gewësse Resistenz entwéckelt hunn, géint eng friem Bestëmmung oder kulturell Assimilatioun vun eisem Land, dat jo eng gemëschte Kultur huet, sou wéi aner Länner a Géigenden och, wou vläicht grad eis Stäerkt dra läit, déi gemëschte Kultur weider ze entwéckelen, dat ass iwwregens dat, wat ech gutt fonnt hunn am Budgetsbericht wou

gemengt ginn ass, grad dat kéint eng Stäerkt vun eiser Ekonomie sinn.

Mä dann däerf een awer och net higoen an eng Universitéit wëllen entwéckelen nom angelsächsesche Modell, an da Bachelor an ähnlech Graden do anzeféieren, mä da muss een och vläicht kucken, wéi esou eng Universitéit sech an dat bestoend Ëmfeld hei besser apasst, an déi Stäerkten entwéckele vun deenen ech geschwat hunn.

Ech mengen, fir elo zum Schluss ze kommen, positiv un deem Neoliberalismus war, wéi mer e bis elo kannt hunn, dass en eis d'Welt opgemaach huet. Zwar exklusiv iwwert de Wee vun de Mäert. Ech mengen och, dass mer se net erëm sollten zoumaachen, an dass mer net sollten an eng provinziell Beschränktheet zréckfannen, an där mer iwwregens ni waren, an dat huet och d'Stäerkt vu Lëtzebuerg ausgemaach.

An ech mengen, dobäi sinn all déi Leit gefuerdert, déi mat Lëtzebuerg hir Existenz verbannen an opbaue wëllen, well se hei schaffen, well se hei wunnen, onofhängeg vun hirer Nationalitéit. An déi national Souveränitéit, an engem sech schnell verännernden Europa, ass menger Meenung no och zu deem Präis. D'Kapital huet schonn dacks bewisen, wéi volatil et ass.

An dofir mengen ech, dass fir d'Leit, déi wëllen heibleiwen, nach wëllen heibleiwen, mer sollte versichen e solidarescht Europa opzebauen, am Kader vun engem europäesche Sozialmodell, an dobäi vläicht och all déi dissident an alternativ Stëmmen unhéieren, déi sech an där doter Fro zu Wuert mellen.

Wat de Budget ugeet, sou wéi en eis jo virgeluegt ginn ass, an nach eng Kéier vum Minister hei erkläert ginn ass, mengen ech, dass ech scho genuch bei menger éischter Ried begrënnt hunn, firwat ech dee Budget net ka stëmmen. Obschonn ech selbstverständlech och net dofir sinn, dass d'Investitioune sollten zréckgeholl ginn, dass d'Sozialausgabe sollten zréckgeholl ginn. Au contraire, ech mengen, déi eenzeg positiv Elementer, déi et nach an eiser finanzieller Situatioun, an eiser budgetärer Situatioun an an der wirtschaftlecher Situatioun vun eisem Land gëtt, dat ass d'real Ekonomie. Dat sinn déi Wirtschaftszweiger, déi gewisen hunn, dass se eng gewësse Stabilitéit nach ëmmer hunn, an och nach e gewëssent Wuesstum hunn. Voilà, ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Wat ass dat da fir en Trick? Dat ass awer net d'Reiefolleg?

**M. le Président**.- Ma dach, et ass genau d'Reiefolleg.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Wéi dann, den Här Weiler ass dach elo drun!

**M. le Président**.- Jo, mä deen huet sech elo eréischt gemellt.

***(Hilarité générale)***

Dann huet den Här Weiler d'Wuert. En huet d'Recht sech ze mellen; en huet nach 12 Minutten zegutt.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Jo, jo, jo, mä dat do war e gudden Trick.

***(Brouhaha général)***

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Dir kommt geschwënn dozou, Här Bausch.

***(Interruption)***

Oh, Här Mehlen, provozéiert mech net, well soss komme mer direkt emol zu deem Thema.

**Des voix**.- Oh!

**Une voix**.- War dat do eng Droung?

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Neen.

**La même voix**.- Keng Menacen hei!

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat u sech net méi wëlles op dat Thema anzegoen, mä well dat jo hei gefuerdert gëtt vum ADR, och well den Här Gibéryen virdrun eng ganz déplacéiert Remarque à l'adresse vun der Madame Nicklaus gemaach huet…

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Ech hu keen Numm genannt.

***(Hilarité)***

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Jo.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Ech muss elo hei manifestéieren. Ech hat keen Numm genannt. Wann den Här Weiler d'Madame Nicklaus gemengt huet, da léisst dat déif blécken.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Da war et eng Remarque à l'adresse vun der Madame Nicklaus, der Madame Meyers oder der Madame Stein. Eng vun deenen dräi Damme wäert Der jo viséiert hunn.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- D'Madame Jacobs, d'Madame Hennicot.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Här President, mir hate virun aacht Deeg en zimlech peinlechen Incident hei um Enn vun der Sitzung, wéi d'Madame Nicklaus wollt d'Wuert kréien a wéi den ADR dat refuséiert huet, a gesot huet et wär keng Zäit méi do, woumat hie Recht hat laut Reglement. Mä ech muss Iech awer soen, Här President, fir eis ze iwwerzeegen, hat den Här Gibéryen zu Tricke gegraff, déi net esou ganz honorabel sinn, wéi een dat kënnt mengen.

Hien huet nämlech gesot, ech zitéieren, an hien huet Referenz gemaach op dat, wat d'lescht Joer hei geschitt ass: „Mir hunn deemools keng Zäit kritt, fir ze äntwerten, och keng Zäit vun de Motiounen. Et ass gesot ginn, d'Zäit ass ofgelaf. Dir kritt keng Zäit, fir doriwwer ze diskutéieren." Ech wëll just soen, Här President, dass den Här Gibéryen net nëmmen Iech, Här President, mä och d'Chamber domadder hannert d'Liicht gefouert huet. Et war net esou.

Wann Der de Procès-verbal vum leschte Joer noliest, da gesitt Der, dass den ADR zu kengem Moment gefrot hat, fir Zäit ze kréien, nach huet hie gefrot, fir Zäit vun de Motiounen ze kréien, nach huet de President geäntwert: „Är Zäit ass ofgelaf. Dir kritt keng Zäit méi." Dat alles huet den Här Gibéryen sech d'lescht Kéier aus de Fanger gesuckelt. Dat huet net der Wourecht entsprach. An dofir wollt ech déi Klorstellung hei gemaach hunn. Et war en zimlech miesen Trick, fir mat esou enger Argumentatioun hei ze verhënneren, datt d'Madame Nicklaus nach sollt d'Wuert kréien.

Här President, mir hunn awer haut de Rapport complémentaire vum Emile Calmes hei héieren zu den Amendementer vun der Regierung. Déi Amendemente si jo net nëmmen déi puer technesch Amendementen, déi mer an deem Rapport erëmfannen, mä et si virun allem déi Amendemente mat deenen d'Regierung geäntwert huet op déi Erausfuerderungen, déi sech kuerzfristeg gestallt hunn, notamment déi wirtschaftlech Situatioun, och d'Schätzung vun de Recettë vum Stat. Et sinn déi Amendementen, déi am Fong geholl am Vierdergrond stinn.

Ech muss allerdéngs soen, dass d'Debatt weder d'lescht Woch, wou déi Amendemente scho bekannt waren, nach haut, zu gréissere Kommentaren hei Ulass ginn hunn, wat d'Amendemente selwer ubelaangt awéiwäit d'Recettë vum Stat erofgesat gi sinn, déi nei Aschätzungen déi vum Budgetsminister virgeholl gi sinn, an dann deementspriechend och d'Erofsetzung vun den Dépensen.

Ganz wéineg, Här President, huet een dozou héieren. Ech hu virdrun dem Här Mehlen hei nogelauschtert, wéi hie gesot huet, d'Regierung hätt den Eescht vun der Situatioun nach ëmmer net erkannt. Dat wär e bësse Gepiddels, wat hei géif gemaach ginn, mä pour le reste géif weidergefuer ginn, wéi wann näischt geschitt wär. Ech wëll hei just drun erënneren, Här President, wa mer déi Wirtschafts-, déi Finanz- an och déi Ausgabepolitik als Koalitioun an deene leschte Jore gemaach hätten, déi vum ADR vun dëser Tribün a vun aneren Tribünen ëmmer erëm ugemahnt gi sinn - ech erënneren notamment un dee seriöse Coup de frein, deen den ADR nach virun e puer Méint wollt eiser Wirtschaft zoufëieren, well et war jo gefuerdert ginn, d'Regierung misst endlech am Hibléck op de 700.000-Awunnerstat déi Wirtschaft hei bremsen, seriö an zolidd bremsen, fir dass mer net op déi 700.000 hikéimen -...

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Mir woussten zu deem Moment och net, dass Dir se scho staark gebremst hat.

***(Brouhaha général)***

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Här President, ech hat gehofft, dass den Här Gibéryen deen doten Zwëscheruff géif maachen. Vun all deene Riedner, déi hei ugetruede sinn, huet nach kee behaapt, datt dee wirtschaftleche Réckgang, mat deem mer de Moment ze doen hunn, hausgemaach wär. Keen Eenzegen. Keen am Land behaapt dat. Den Här Gibéryen behaapt dat. A wann den Här Gibéryen dat behaapt, da wäert et esou sinn.

Dat ganzt Land, net nëmmen déi politesch Parteien, och d'Gewerkschaften, d'Chambres professionnelles, d'Patronatsorganisatiounen: Kee Mënsch an deem Land hei kënnt op déi verréckten Iddi, fir ze soen: De Wirtschaftsréckgang, dee mer elo ze verzeechnen hunn, wär hausgemaach, dee wär op d'Politik vun der Regierung zréckzefëieren. Eenzeg an eleng den Här Gibéryen behaapt dat. Bon, wann hien et behaapt, dann iwwerloosse mer de Leit dobaussen ze jugéieren, wat se dovunner halen.

***(Interruptions)***

D'Vollbremsung hutt Dir dëst Fréijoer verlaangt.

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- A wouhier!

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Majo natierlech, da liest d'Interviewe vun Ärem Fraktiounschef no. Ech weess, dass Dir net op därselwechter Linn leit mat him. Zum Beispill erënneren ech drun, wat mer d'lescht Joer hei diskutéiert hunn: d'Wahlrecht fir d'Auslänner. Den Här Mehlen seet: D'Auslänner sollen alleguer d'Wahlrecht kréien. D'Auslänner sollen an d'Regierung an an d'Chamber kommen. Kee Problem.

Den Här Gibéryen zur selwechter Zäit, als Fraktiounschef, dementéiert säi Parteipresident a seet: Selbstverständlech kënnt dat net a Fro. Hie mécht dat hei am Parlament a Presenz vu sengem Parteipresident. Dat ass Kohärenz esou wéi een se beim ADR feststellt.

D'Wirtschafts-, d'Finanz- an d'Ausgabepolitik, Här President, wa mer déi esou gemaach hätten, wéi se vun där Partei, déi vun dëser Säit aus gesinn zu menger Rietser sëtzt, ageklot ginn ass, da kéinte mer haut wierklech de Schlëssel ënnert den Tapis leeën. Ech erënneren nëmmen un déi fënnef Milliarde supplementar Ausgaben, déi gefuerdert gi waren am Kader vum Rentendësch.

**Une voix**.- Dat waren der méi wéi 5.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- 20 Milliarden hat Der gefrot.

**La même voix**.- Voilà!

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Ëm déi siwe Milliarde sinn en fin de compte realiséiert ginn. Dir hat dräimol esou vill gefrot. A vun deem dräimol esou vill sollten nach fënnef Milliarden aus dem Statsbudget erausgeholl ginn, fir all Joer ze finanzéieren. Ech froe mech, wéi e Budgetsminister, a wann den Här Gibéryen dat wär - glécklecherweis ass hien dat net -, wéi deen hei géif e Budget ficeléieren, wa mer op där enger Säit d'Finanze vum Stat esou ugezaapt hätten, wéi dat hei gefuerdert ginn ass, an op där anerer Säit nach eng Vollbremsung voluntaristesch vu Säite vun der Regierung gemaach hätten, wat d'Ekonomie ubelaangt. Wat ënnert dem Strëch dobäi erauskomm wier, dat kënnt Dir Iech alleguerten ausmolen.

Mä dann, Här President, gi Froen hei gestallt. Den Här Mehlen huet d'Fro gestallt: Wéi geet dat dann elo, wann et an den Investissementer net méi esou séier geet? Dat gi jo Répercussiounen op de Mëttelstand!

Jo, dat ass méiglech, datt dat Répercussioune ginn. Mä, Här President, et geet hei net nëmmen drëm, fir Froen ze stellen. Op dëser Tribün muss een och Äntwerte ginn. D'Koalitioun huet eng Rei vun Äntwerte ginn op dat, wat mir mengen, wat de Moment d'Situatioun ass, an op dat, wat mer mengen, wat de Moment noutwenneg wär. Mir hunn d'Recetten nei ageschat. Mir hu se esou fixéiert, wéi mer mengen, datt se eventuell kéinte sinn a mir hunn d'Dépensen op där anerer Säit och erofgesat. Ech hätt hei gären héieren, a well d'Amendemente jo grad just dorëms dréinen, op wéi enge Punkten dann hei vu Säite vun deenen, déi sech geäussert hunn, d'Dépensen hätte sollen erofgesat ginn, konkret u Beispiller festgemaach.

D'Regierung huet hir Beispiller genannt a si huet dofir Kritik mussen astiechen. Si muss mat där Kritik liewen. Mä et geet net nëmmen drëm, fir hei op der Tribün ze lamentéieren an ze jéimeren. Et geet och drëm, fir ze soen, was Sache ist. Or, ech wëll just soen, dass mer hei, wéinstens vu Säite vun de Kolleege vum ADR, kaum eppes héieren hunn.

An da wëll ech soen, Här President, dass den honorablen Här Krecké d'lescht Woch no menger Interventioun hei, wou ech mech getraut hat ganz liicht d'Vergaangenheet vun de Sozialisten a punkto Finanzen a Finanzplaz och nëmmen unzedeiten, äusserst mimosenhaft reagéiert huet. Hien huet e bësse wéi eng Primadonna op meng Interventioun reagéiert. Op där anerer Säit hunn ech awer net vill Konkretes festgestallt, wéi dann d'Alternative vun där gréisster Oppositiounspartei zu deene Propositioune sinn, déi d'Regierung an dësem Budget festgeluegt huet.

Den Här Krecké erënnert op dëser Tribün ëmmer un dee Rapport, deen hien 1998, wat d'Steierhannerzéiung hei zu Lëtzebuerg ugeet, am Optrag vum Statsminister gemaach huet. Ech muss soen, Här President, dee Rapport ass e gutt Dokument. An deem Rapport sti vill gutt Saachen dran. An et ass och bedauerlech - dat ginn ech gären zou -, datt, obwuel schonn eng Partie vun deene Saachen ëmgesat ginn ass, eng Rei vun deene Saachen, déi hie richtegerweis an deem Rapport opgelëscht huet an analyséiert huet, nach net ëmgesat gi sinn.

Mä, ech muss Iech awer soen: Dee Rapport vun deemools, wat jo e gutt Dokument ass, deem ech dat gären zertifiéieren, ass awer an der Zwëschenzäit esou eppes wéi eng Zort Bibel vum Här Krecké ginn. Eng Bibel mat 10 Geboten, déi hien ëmmer erëm erauszitt, wann et drëm geet, fir Argumenter ze bréngen. Da kënnt hien heihinner an hie wedelt mat der Bibel a mat de Geboter. Or, ech wëll Iech soen, Här President, d'Statsfinanze si wéineg beandrockt weder vun der Bibel, nach vun den 10 Geboter, nach vum Här Wedeler, wat den Här Krecké domat opféiert.

**Une voix**.- A wéi ass et mam Marx?

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Och d'Statsfinanze wären - an dat wëll ech, Här President, an allem Eescht dem Kolleeg Krecké soen - a kenger besserer Situatioun, ënnert dem Strëch gesinn, wa mer all déi Proposen, déi hien deemools gemaach huet, déi noutwenneg sinn - dat ginn ech gären zou -, ëmgesat hätten. Dat hätt eis bei de Statsfinanzen an an eiser finanzieller Situatioun vum Stat kee Millimeter weiderbruecht.

Och den Här Bodry huet d'lescht Woch eng Rei vun Analyse gemaach, wou ech soen, dass se korrekt sinn, wéi hien higewisen huet op dat, wat am Joer 2005 an 2006 soll geschéien. Iwwregens hat den honorablen Här Wiseler, deen d'lescht Joer Budgetsrapporteur war, dat a sengem Rapport och schonn opgezeechent a gesot, wat op eis duerkomme kéint, wann et de Finanzen net méi esou gutt géif goen a punkto Investitiounsfongen.

Wat mir awer feelt, Här President, dat ass hei d'Alternativ. Den Här Asselborn huet virdrun op där Tribün hei geschwat a gesot, hei hätte mer et mat enger Iwwergangsregierung ze dinn, déi näischt kéint, déi näischt wéisst an déi näischt géif maachen. Mä da geet et awer drëm fir net nëmmen hei haart Téin ze späitzen, mä et geet awer och drëm fir ze soen, Här Asselborn, wat d'Alternative sinn. Vu dass den Här Krecké an den Här Bodry dat d'lescht Woch net vill hei opgezeechent haten, hat ech geduecht haut, wou de Parteipresident vun der LSAP selwer op dës Tribün géif kommen, géife mer dann elo mol gewuer ginn, was Sache ist.

***(Interruptions)***

Mä ech muss soen, Här President, de President vun der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei, deen huet keng Ried zum Statsbudget gehal. En huet och keng Ried gehal, wou ee sech am Fong geholl un d'Parlament adresséiert huet.

***(Interruptions et hilarité)***

En huet eng Ried gehal, andeem e sech adresséiert huet un d'sozialistescht Foussvollek, fir deenen ze weisen, datt hien et besser ka wéi den Här Krecké, datt hien et besser ka wéi den Här Bodry, datt hien de staarke Mann ass, datt hien deen ass, dee sech mam Statsminister uleet - kann uleeën -, a mam Finanzminister uleet. Dat wollt hien haut hei beweisen.

Et war eng Bewerbungsried fir de sozialistesche Spëtzekandidat fir déi nächst Wahlen.

***(Brouhaha général)***

Dat war d'Ried vum Här Asselborn. Well wann den Här Asselborn zum Statsbudget geschwat hätt, Här President, dann hätt en zum Beispill kënnen zu deem schwätze wat en d'lescht Kéier an engem Interview gesot huet, nämlech, wann d'Sozialisten amplaz vun der Demokratescher Partei an der Regierung géife sëtzen, dann hätte si

méi eng selektiv Politik gemaach. Mir wäre méi selektiv virgaang, mir hätte bei deenen Ausgaben, déi all Joer erëmkommen, méi Selektivitéit erabruecht.

Ech hunn, Här President, d'lescht Kéier schonn hei gefrot, wouran déi da konkret, am Detail, déi Selektivitéit, déi d'Lëtzebuerger Sozialistesch Aarbechterpartei hei ugemahnt huet, besteet. An ech hat mech drop gefreet, haut vum Här Asselborn ze héieren, wéi datt dat dann hätt besser a méi selektiv kënne goen.

Ech muss soen, ech hunn dorauser näischt héieren. An dann huet och den Här…

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Här Weiler, sidd Der d'accord, dass wéinstens beim Kannergeld, fir lech nëmmen ee Beispill ze ginn,…

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Dat Beispill, Här Lux, kee Problem. Dat hat ech lech d'lescht Woch scho gesot, et gëtt ee ganz klengt Beispill. Wann et mir géif nogoen, da géife mer dat och direkt maachen. Mä mir sinn an enger Koalitioun dës Kéier, sou wéi mer d'lescht Kéier mat lech an enger waren.

***(Brouhaha général)***

Neen, neen, neen.

Ech muss soen, Här President, ech hunn dat scho vun dëser Tribün aus gesot, an där dote Fro gëtt et an all Partei, och a menger Partei, verschiddenaarteg Opfaassungen. Et si Leit an eiser Partei déi dat do wëlle maachen, déi déi 36.000 Frang, déi mer nach hunn, wëllen ofschafen, an et sinn anerer déi dat net wëllen. Komesch déi Partei oder déi Fraktioun, an där et net an enger präziser Fro emol eng Kéier kann divergent Meenunge ginn.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ma selbstverständlech. Selbstverständlech!

Här President, virdrun huet den Här Asselborn och hei gesot, nach eng Kéier kritiséiert, datt d'Regierung net zur Zäit erkannt hätt, wou et géif higoen. Ech muss soen, ech hat mat vill Freed dem Här Krecké seng Ausféierunge gelies, wéi e sech iwwert d'Taxe d'abonnement ausgelooss huet, déi jo ganz vill erofgaangen ass, a wou e gesot huet: „Mä wann een an deem leschte Joer irgendwann den Internet ugemaach hätt, am Internet gekuckt hätt, wéi d'Bourssen erofgaange sinn, dann hätt all verstännege Mënsch dat misse gesinn an deem misse Rechnung droen."

Ech muss soen, Här President, den 31. Juli huet d'Regierung der Chamber d'Eckwäerter vun hirem Budget virgeluegt. Den Här Asselborn war deemools an der Finanzkommissioun, an ech hunn och dem Här Asselborn seng…

***(Interruptions)***

Den 31. Juli, dat war wéi d'Eckwäerter virgeluegt gi sinn.

An ech hunn den Här Asselborn duerno héieren, wou en dee Budget kommentéiert huet. En huet gesot et wär e platte Budget, et wär näischt dran, d'Regierung géif näischt maachen. An ech hat mer erwaart, Här President, wann den Här Krecké, deen deemools net konnt do sinn, grad wéi ech, jo den Internet schonn esou intensiv studéiert hat an awer scho sou vill am Internet gesegelt war an do erausfonnt hat, datt de Budgetsminister géif total falsch leien, dann hätt ech geduecht, dass d'Oppositioun hei d'Regierung deemools massiv op dee magistrale Feeler, deen hir do ënnerlaf ass, higewisen hätt. Or, kee Wuert, keng eenzeg Kritik vu Säite vun de Sozialisten. Dofir hunn ech mer d'Fro gestallt, ob den Här Krecké méi am Internet segelt, oder surft, wéi den Här Asselborn, oder ëmgedréint?

Op jidde Fall, den Här Asselborn schéngt dat net matkritt gehat ze hunn an d'Kommunikatioun an den Dialog schéngen ënnert hinnen och net esou perfekt ze sinn, soss hätt jo de Fraktiounschef missen dem Parteipresident soen: „Halt, do kënnt Uerges op d'Regierung zou. D'Regierung mierkt et net, also gäissel d'Regierung emol domadder."

Kee Wuert, Här President. Wat mech ënnert dem Strëch zu deem Schluss komme léisst, datt, grad esou gutt wéi d'Regierung dat do net gesinn hat, och d'Lëtzebuerger Sozialistesch Aarbechterpartei, hire Fraktiounschef an hire Parteipresident, dat net gesinn haten.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Ech hat dat gesinn, an ech hat dat gesi sechs Méint ier de Budgetsrapporteur et gesinn huet.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Jo, Här President, net nëmmen, wëll ech soen, dass den Här Parteipresident vun der LSAP jo villes gesäit; e gesäit villes platt. Ech gesinn d'Alternative vun de Sozialisten zu dësem Budget als platt un. Wann ech kucke wou soll agespuert ginn ënnert dem Strëch, well et geet jo drëm, dass ënnert dem Strëch, an et ass awer déi grouss Fro, déi eis alleguerten hei bei dësem Budget beweegt, eng Rei Milliarden al Lëtzebuerger Frang sollen a mussen agespuert ginn.

***(Interruptions)***

D'Regierung huet jo awer eng Partie Propose gemaach, déi an den Amendemente vun haut virleien. Ech hu keng Alternativ dozou héieren.

Am Budget vum Joer 2003 ass mat deene Proposen, déi gemaach gi sinn - beim ADR, dovu schwätzen ech net, mä bei de Sozialisten och net -, näischt anzespueren ënnert dem Strëch. Souguer, Här President, wa mer higinn a mir maachen dat wat d'Regierung gesot huet, och versprach huet, dat wat d'Sozialisten ageklot hunn, mir maache méi eng strikt Exécution budgétaire, da spuere mer ënnert dem Strëch ganz, ganz wéineg. An dat mécht ënnert dem Strëch esou wéineg aus, datt Der et bei deem Statsbudget hei net mierkt. Mä mir spueren net!

***(Interruption)***

Jo lauschtert emol, Här President, d'Koalitioun huet hei Propositioune gemaach. Déi Propositioune gi kritiséiert vun der Oppositioun, wat hiert gutt Recht ass. Dann hätt ech awer och gären, wann déi Propositiounen, déi gemaach ginn, net akzeptéiert ginn, wann déi kritiséiert ginn, si wären net déi gutt, awer e Minimum un Alternativen, déi hei virgeluegt ginn.

Ech wëll net, Här President, sou wéi den Här Bodry dat d'lescht Woch hei gesot huet, datt d'Oppositioun hei en neie Statsbudget schreift. Dat kann net sinn. Mä ech hätt gären, dass op e puer grousse Elementer, op e puer grousse Politikfelder, op e puer grousse Richtungen ugedeit gëtt, wou a wéi vill een da kéint aspueren. Well mir wëlle jo kee Budget dee mer am Defizit presentéieren, à moins datt Der esou ee wëllt. Wann Der där kee wëllt, musst Der, wann Der déi heite Proposen, déi elo virleien, net akzeptéiert, awer kënne soen, op där anerer Säit, wou da sollen, net am Detail, mä op e puer grousse Linnen, Aspuerunge gemaach ginn. Ech wëll nach eng Kéier hei soen, Aspuerunge sinn eis gesot gi wat de Rehazenter a wat d'Rockhal ubelaangt.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Beim Rehazenter si schonn 2 Milliarden derbäi. Dovunner schwätze mer net.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, de Rehazenter steet net am Statsbudget fir d'Joer 2003. De Rehazenter gëtt finanzéiert, esou wéi vill grouss Bauprojeten, iwwert déi Gelder, déi an de Fonge sinn. Et geet an dësem Moment ëm de Statsbudget. An dofir hätt ech gär Proposen, wéi mer am Statsbudget fir d'Joer 2003 zu Aspuerunge solle kommen. An dann, Här President, well mer beim Rehazenter sinn an den Här Asselborn sech gären dobäi ophält, muss ech lech soen: Jo, dee Rehazenter, deemnächst kommen d'Autorisatiounen, mir kréien de Projet hei an d'Chamber.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Et ass nach kee Gesetz do.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Mir kréien e Projet hei an d'Chamber, hunn ech just gesot.

Här President, den Här Di Bartolomeo, also dee géif wierklech näischt verpasse wann e mol géif ofwaarde bis d'Leit geschwat hätten; da wären eng Rei vu senge Froe vun Ufank un iwwerflësseg.

Ech muss lech soen, de Rehazenter ass nu wierklech dat schlechtste Beispill, wat d'Lëtzebuerger Sozialistesch Aarbechterpartei kann ervirkramen, fir där heite Regierung Reprochen ze maachen. 15 Joer laang hu sozialistesch Gesondheetsministeren hei am Land versicht…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- An Dir waart net an der Regierung?

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ma natierlech ware mer dobäi, mä Dir waart awer responsabel dofir.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir konnt lech net duerchsetzen.

***(Brouhaha général)***

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, 15 Joer laang hu sozialistesch Gesondheetsministeren hei am Land un deem Rehazenter laboréiert. 1981 war de Rehazenter virgesi fir zu Mondorf gebaut ze ginn. Duerno koume sozialistesch Ministeren an hu permanent d'Sitë changéiert. Et si permanent Etüde gemaach ginn. 1999, wéi d'Sozialisten an d'Oppositioun gaange sinn, hate mer emol keng gesetzlech Basis.

***(Interruption)***

15 Joer laang hutt Der laboréiert. A wéi et esou wäit war, hate mer emol keng gesetzlech Basis fir de Rehazenter ze bauen. Dat wësst Dir ganz genau.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

A wann Der elo hei, Här President…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- E géif scho stoen, wann Äre Premier ënnerschriwwen hätt.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, dierf ech lech dat emol umierken: Et ass am Fong geholl schued, datt een dem Här Di Bartolomeo seng Interventiounen net alleguerte matkritt.

Nu stellt lech emol vir, de Rehazenter géif scho stoen, wann de Premier ënnerschriwwen hätt. Also, Här President, bei aller Frëndschaft vis-à-vis vum Mars Di Bartolomeo, dat ass eng Topechkeet dat do. Dir wësst ganz genau, dass dat eng Topechkeet ass, fir esou Saachen hei ze behaapten.

***(Interruptions diverses)***

1999, wéi d'Wahle waren, wéi d'Koalitioun eriwwer war, an dat weess de Georges Wohlfahrt ganz gutt, war keng Base légale do, fir e Rehazenter ze bauen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dat ass dach net wouer!

Mir hate kee Plan hospitalier, deen a Kraaft war. Mir hunn en ëmgeännerte Plan hospitalier gebraucht.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Dat ass Kabes, wat Dir do zielt.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Neen, dat ass kee Kabes.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ëmmer bei der Wourecht bleiwen.

1999 ass d'Finanzéierungsgesetz komm, an do war de Rehazenter dran. Wat zielt Der da fir eppes.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)* - Här Weiler, Dir verrennt lech hei. Haalt op.

***(Interruption)***

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Mir hunn en neie Plan hospitalier, mir hunn en ëmgeännerte gebraucht.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)* - Awer total derniewent.

M. le Président.- Also, Här Di Bartolomeo, wann Dir elo net geschwënn ophaalt domat, dauernd ze ënnerbriechen, da gëtt d'Sitzung ënnerbrach. Esou kënne mer net weiderfueren!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Den Här Weiler zielt egal wat, Här President.

M. le Président.- Mir sinn dach hei net an engem Zirkus. Mir hunn nach zwee Riedner déi agedroe sinn. Dir kënnt jo herno Stellung huelen. Mir kommen net vum Fleck, wa mer esou virufueren. Dat ass jo déi ganz Budgetsdebatten dem Spott an der Lächerlechkeet präisginn, wann een dauernd esou matenee polemiséiert.

Här Wohlfart, Dir hutt d'Wuert.

M. Georges Wohlfart *(LSAP).*- Här President, ech hu bis elo zu dësem Problem net vill gesot, Här Weiler, mä et geet och bei mir, wéi bei vill anere Leit, bis op ee Punkt.

Ech hunn näischt dogéint, dass een iwwer Siten diskutéiert vun Infrastrukturen, mä wann een hei behaapt, dass mer deemools keng Base légale haten, ass dat net wouer, Här President. Ech muss lech soen, dass deen neie Spidolsplang duerch d'Regierung gaangen ass am Abrëll virun de Wahlen, an dunn ass en op den Instanzewee gaangen. Dat war jo och ëmmer eng vun de Kriticken, dass mer dat iwwer de Wee vun engem Règlement grand-ducal géinge maachen. Ech stelle fest, dass déi legal Basis, déi mer haut hunn, deen neie Spidolsplang, op deene selwechte Règlements grand-ducaux fousst, wéi eis dat deemools virgeworf ginn ass. Mä hei ze behaapten, esou eppes wier net do gewiescht, dat ass net wouer.

Här Weiler, ech muss lech dat an aller Frëndschaft soen. Den 20. Mee ass hei d'Finanzéierungsgesetz gestëmmt ginn, an am Abrëll huet déi deemoleg Regierung deen neie Spidolsplang ofgeseent an op den Instanzewee geschéckt. Ech wollt dat hei just kloerstellen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, et muss een ënnerscheede bei der Base légale. Mir hunn e Gesetz hei gestëmmt, wou eng 10 oder 12 grouss Spidolsinfrastrukturen dra waren. Dat war kuerz virun de Wahlen 1999. Mir haten awer zur selwechter Zäit kee Règlement grand-ducal, dee mer awer brauchen, fir d'Base légale komplett ze hunn, fir de Rehazenter kënnen ze bauen. Deen hate mer net, an et ass dat, wat ech hei wëll soen. An dofir ass et falsch, wann hei gesot gëtt, ech géif net korrekt d'Situatioun erëmginn. Ech ginn d'Situatioun korrekt erëm. D'Finanzéierungsgesetz eleng gong net duer, Här President. Mir hunn och e Règlement grand-ducal iwwer de Plan hospitalier gebraucht, an deen hate mer dee Moment net. An et ass dat, wat ech ugeprangert hunn, firwat dass ech gesot hunn,…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Mir hunn eng Base légale, mä mir hu keng Finanzéierungsbasis méi. Fannt Der dat dann normal?

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Mä selbstverständlech net. Mir hunn e Règlement grand-ducal, a mir hunn elo och nach eng Finanzéierungsbasis, mä mir mussen awer d'Gesetz ëmänneren - dat huet de Minister mir vun Ufank u gesot -, vu datt mer en neie Site maachen. Deen neie Site muss jo zréckbehale ginn, sougutt am Gesetz wéi am Règlement grand-ducal iwwer de Plan hospitalier. Déi mussen ëmgeännert ginn an där do Hisiicht. Esou laang, wéi se net ëmgeännert sinn, kann de Rehazenter net gebaut ginn. Mä, dat wat deemools de Fall war 1999, wann ech soen, et war keng Base légale do, fir et ze bauen, do bleiwen ech derbäi. Juristesch gesinn ass dat richteg, mir haten déi Base légale net. An dofir wëll ech soen, Här President, datt et net an der Rei ass, wann d'Sozialisten ëmmer erëm mam Rehazenter kommen. Wann een Dossier jee eng Kéier laang higezu ginn ass, fir et emol frëndlech auszedrécken, iwwer 15 Joer higezu ginn ass, x Siten, x Étuden, déi de Lëtzebuerger Steierzueler och vill Sue kascht hunn, gemaach gi sinn, bis dass et dann endlech 1999 zu engem Embryon komm ass, deen awer de loin nach net dat war, wat en fin de compte gebraucht ginn ass, dann ass dat e schlecht Beispill, fir dëser Koalitioun Reprochen ze maachen.

An da wëll ech soen, Här President, ganz zum Schluss. Et sinn nei Aschätzungen - well jo jiddereen hei den Duerchbléck huet a sou fein gesäit, wéi d'Situatioun ass, Prognosen, alles ganz däitlech gesäit - virgeholl gi vun der Regierung, wat d'Lounsteier ubelaangt, wat d'Kierperschaftssteier ubelaangt, wat d'Taxe d'abonnement ubelaangt. Ech wär nawell frou gewiescht, och eppes dozou ze héieren. Mir als Majoritéit, CSV an DP, mir droen déi Aschätzungen do. Mir soen op Grond vun deenen Elementer, déi mer de Moment kennen, sinn dat Aschätzungen, déi eis korrekt erschéngen. Ob se herno sech als richteg an definitiv richteg erweisen, dat wäerte mer gesinn, wann dann déi definitiv Recetten do sinn. Mä ech wär frou gewiescht och ze héieren, wéi datt dat dann heibanne gesi gëtt vu Säite vun der Oppositioun. Déi Aschätzungen do, leien déi an deem Beräich vun deem, wat ee sech kann erwaarden, oder läit d'Regierung dernieft domat? Et ass ëmmer flott herno beim Kont ze kommen an ze soen: Ah deemools hutt Dir dat net gesinn, deemools hutt Dir falsch Aschätzunge gemaach. Wann d'Regierung sollt hei déi eng oder déi aner falsch Aschätzung gemaach hunn, da wär ech nawell gär gewuer ginn, op wéi enge Punkten a wou datt dat de Fall gewiescht wär.

An dann, Här President, kommen ech zum Schluss. Ech wëll eng Motioun hei areechen, well d'Situatioun déi ass, déi se nun emol ass. Well mer d'Regierung gebieden hunn, si soll, wat d'Exekutioun vum Budget ubelaangt, virsiichteg a riguréis virgoen, fuerdere mer och d'Regierung op, dat ze maachen, mä virun allem froe mer se, dass se soll de très près d'Evolutioun vun den Einnahme vum Stat surveilléieren a suivéieren, an an d'Chamber kommen, net mensuellement, net all Mount, mä trimestriellement, all dräi Méint, virrangeg an d'Finanzkommissioun, fir eis Opklärung ze ginn iwwer d'Situatioun, wéi se ass. Mer wäerten dann deementspriechend eis Préparativen zesummen als Parlament mat der Regierung treffe fir de Budget vum Joer 2004. Mir wäerten do, wéi dat schonn hei gefaart ginn ass, sécher net mat der Aaxt un eng Rei vu Beräicher erugoen, mä mir wäerte fir d'éischt

emol d'Evolutioun, d'Situatioun vun eiser Ekonomie suivéieren am Laf vum Joer 2003, an da wäert dës Koalitioun de Courage hunn, fir d'Joer 2004 e Budget ze presentéieren, deen der wirtschaftlecher Realitéit, an deen der Finanzkapassitéit vun dësem Stat entsprécht. Ech soen Iech merci.

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*Au vu des chiffres-clef décrivant l'évolution économique du Luxembourg qui ont été publiés au cours du dernier trimestre de 2002, «qui renseignent une quasi-stagnation de notre économie en 2002, ainsi qu'une croissance minime pour 2003»;*

*Considérant que ces nouvelles données, en combinaison avec les estimations de recettes nouvellement effectuées par les administrations fiscales, ont eu un impact sur la finalisation du projet de budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour 2003, «dans la mesure où les prévisions de recettes pour l'exercice 2003 ont dû être revues à la baisse par rapport au projet initial»;*

*Considérant qu'indépendamment des statistiques et prévisions, la situation économique actuelle nécessite une gestion extrêmement prudente et rigoureuse des deniers publics ;*

*Invite le Gouvernement*

*À veiller à une exécution prudente et rigoureuse du budget des recettes et des dépenses de l'Etat de 2003;*

*À surveiller de près l'évolution des recettes fiscales et à en informer trimestriellement la Chambre des Députés.*

*(s.) Lucien Weiler, Lucien Clement, Jean-Paul Rippinger, John Schummer, Claude Wiseler.*

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här President, ech hu gewaart, bis dass Der mer géingt gréng Luucht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat geduecht, d'Budgetsdebatte wiere vläicht d'Geleeënheet och eng Ausernanersetzung effektiv op den Inhalter ze kréie vun enger Politik, déi awer ëmmerhin elo schonn dräi Joer bedriwwe gëtt, an ech gesinn, et ass fir vill Leit och nach e bësse Vergaangenheetsbewältegung dobäi. Dat bedaueren ech e bëssen. Ech muss och soen, dass vu Säite vun der Majoritéit, dat, wat mer elo just héieren hunn, e gudden Deel Vergaangenheetsbewältegung war mat Feeler vu sech selwer, wou den Här Weiler sech huet missen dermat ausenanersetzen.

Vu Säite vun der DP, déi natierlech dee Problem net huet, well se iwwer 15 Joer déi Vergaangenheetsbewältegung net huet bräichten ze maachen, huet een net ganz vill Prägnantes héieren. Ech muss soen, ausser elo an e puer klenge Remarken, ass dat Ganzt relativ schappeg bliwwen, an ech mengen, de Gusty Graas huet dat wierklech um 100,7 ganz courageiert op de Punkt bruecht. De wichtegste Punkt war deen: „Eppes muss een dem Budgetsminister zumindest guttschreiwen: Hien hat de politesche Courage, fir d'Wouerecht ze soen“:

Also, wann dat politesche Courage elo op eemol erfuerdert, fir hei Wouerechten ze soen, da froen ech mech: Wéi wäit si mer da komm? An ech froe mech, Här Graas, wéi Der Iech da wëllt ausenanersetze mam Alexandre Krieps, deen esouguer gemengt huet, eenzel Parteien, an dat gëllt awer, menger Meenung no, dann och fir Iech, missten d'Wouerecht emol an hire Grondsazprogramm setzen. Dat nëmmen zu där Lobhudelei, déi bis elo hei geschitt ass.

Da muss ech soen, et ass Onwouerecht, Här President, ze behaapten, dass mir et net gesot hätten an deene Jore virdrun an net Kritik ausgeübt hätten un enger ganzer Rei Recettëpunkten. Ob een domadder d'accord ass oder net, wien elo Recht huet oder net Recht huet, ech mengen, do hate mer eng Ausenanersetzung leschten Dënschdeg, déi ech net nach eng Kéier wéilt maachen, mä et kann een zumindest awer net soen, mir hätten net mat Chiffere gedéngt, och an deene Jore virdrun.

Wat huet et geännert? Den Här Bodry huet Iech op e puer Punkte virgezeechent gehat, a gesot: Do an do leit Der falsch. Hutt Dir een Euro geännert dorunner, wéi mir dat gesot hu virun engem Joer? Nee. Dir hutt et net gemaach, also muss ech soen, hu mir eis och dës Kéier erëm drop beschränkt, evident Feeler ervirzeträichen. A wann där do waren, hu mer et gesot. Dat ass eis Aufgab, Här Weiler.

Wat hu mer nach gemaach? Mir hu gesot, um Niveau vun de Recetten, wann et e bësse knapps gëtt wéi elo, ass et um Niveau vun de Recettë fir d'éischt wou een eppes mécht. Dat heescht, et kuckt een emol, fir d'éischt méi Suen eranzedreiwen, an zwar dat, ce qui est dû. Näischt Extraes, mais ce qui est dû.

Dir sot, dat wär eng Bibel vun där ech schwätzen, ma hätt Der eng ganz Rei vun deene Punkte gemaach, da géinge mer haut eng ganz Rei Steiere méi schnell anzéien, gerecht anzéien an iwwerhaapt emol anzéien. Well ech hunn Iech virgewisen, eng Rei Steieren zéie mer net an, well Der dat net gemaach hutt, wat virgeschloe ginn ass. An d'Chiffere sinn do, fir et ze beweisen. Ech wäert meng Ried vu leschten Dënschdeg net nach eng Kéier musse soen.

Dann deen zweete Punkt. Wann d'Zäite méi schwéier ginn, da geet ee méi eng riguréis Ausféierung vu sengem Budget maachen; hu mir Iech och gewisen. A mir droen eise Beitrag an der Budgetskontrollkommissioun dozou bäi. An Dir kënnt eis mat Sécherheet net virwerfen, mir géingen net probéieren, ouni d'politescht Gedeessems, méi Uerdnung an d'Ausféiere vun eisem Budget ze féieren; dat deet de Budget schrecklech vill Geld aspueren.

Den drëtte Punkt ass, fir nei Ausgaben ze verhënneren. Mir hunn Iech vum Schëff, vum Fliger geschwat, mir hunn Iech vun de Privatschoule geschwat, mir hunn Iech vun der Rockhal, net an de Fonctionnementskäschte mä ganz einfach am Invest, geschwat, mir hunn Iech och vum Rehazenter geschwat. Règlement grand-ducal hin oder hier, et ass sécher, dass dee Projet, do wou en elo hikënnt, duebel esou deier ass, wéi do wou en hätt sollen hikommen. Et ass e Punkt, do huet et kee Wäert, dass mir iwwer Prozedure schwätzen, dat ass e reng finanziellen Aspekt, dee mir hei ervirgeschriwwen hunn. Dat ass also, Här President, fir...

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Här President, dat ass fir de Kolleegen aus der Finanzkommissioun trotzdeem ze soen, dass dat schonn deen drëtte Punkt ass, wou mir gesot hunn, wou een den Hiewel usetze soll.

An da kënnt eréischt de véierte Punkt. An dat ass dee vun den ordinären Ausgaben. Wann een déi dote Punkten emol eng Kéier kritesch hannerkuckt huet - an dat hunn ech leschten Dënschden am Numm vun eiser Partei gemaach, an dat huet den Dag duerno den Alex Bodry och gemaach -, wann een deen Exercice also gemaach huet, da geet een eréischt un déi aner Ausgaben erun. An et ass zevill bëlleg eis elo virzewerfen, mir hätten näischt dozou ze soen. Ech wollt och leschten Dënschden net domadder kommen, ech hat en Usaz gemaach vu Kritik um Budgetsrapporteur.

Wann Dir vun eis verlaangt mir sollen Alternativen…

***(Interruption)***

Ech ginn Iech der herno e puer, well esou einfach ass dat jo net.

Wann Dir vun eis verlaangt, op d'Budgetslinnen hätte mir solle soe wou mir agespuert hätten, da muss ech zum President vun der Finanzkommissioun, an haaptsächlech awer zum Rapporteur soen, mir hunn net eng Sitzung verwannt op d'Ausgabepolitik vun där Regierung hei. Dat ass et nach ni ginn an der Finanzkommissioun. Ech hunn déi Jore virdru bemängelt, mir hätten net Sitzunge genuch, fir iwwert d'Ausgabepolitik, an zwar Linn fir Linn, Ministère fir Ministère, ze schwätzen. An déi Leit, déi heibanne sinn aus der Finanzkommissioun, déi sinn Zeien, dass ech dofir agetruede sinn, an dass de President vun der Finanzkommissioun, den Här Weiler, och domat d'accord war, fir en neie Wee ze goen, dass aus de Kommissioune Leit missten an d'Finanzkommissioun kommen, an iwwert déi Budgetslinne schwätzen, déi e Problem duerstellen.

Här President, frot de President vun der Finanzkommissioun, frot de Budgetsrapporteur. Wéini hu mir iwwert déi Saachen do geschwat? Ech war an d'Classes moyennes, an déi Leit aus de Classes moyennes wëssen dat. An ech hu Punkt fir Punkt do meng Kriticken ubruecht. Wat ass dann domadder geschitt? Näischt. An der Finanzkommissioun waart Dir net bereet doriwwer ze schwätzen. Net eng eenzeg Kéier ass dat doten op den Ordre du jour komm. Also loossen ech mir déi Kriticken hei net gefalen, mir hätten op der Ausgabesäit keng Alternativen. Wann Dir net gewëllt sidd iwwert d'Ausgabesäit ze schwätzen, da verlaangt net vun der Oppositioun, dass déi et mécht.

An ech muss Iech soen, dass mir bei den Amendementer - ech werfe jo kengem vir, dass dat zum Schluss, an dat war nach ëmmer esou, relativ rabiat a schnell erofgeet -, net laang Diskussioune gefouert hunn. Ech hätt der awer kënne féieren. Ech hätt Iech kënnen drop hiweisen, dass Dir an der Adaptatioun vun den Dotatioune bei de Fonds d'investissements koppech Chifferen hutt. Wou Dir op eemol sot, de Fonds de la dette publique géing nëmmen ëm -0,001% erofgoen. Dee Chiffer ass manifestement falsch.

***(Interruption)***

Ech hunn dat net gemaach.

Ech hätt kënnen op eppes höchst Interessantes hiweisen, wa mer nämlech wierklech d'Chiffere gekuckt hätten. Mä loosse mer éierlech sinn, et huet jo kee sech dofir Zäit geholl; mir stinn déi ganzen Zäit ënnert engem schrecklechen Zäitdrock.

***(Interruption)***

Här Weiler, mir hu vun der Regierung d'Version amendée an de Recettë virgeluegt krut: 6,2%. 6,2% Steigerung vis-à-vis vum definitive Budget 2002. Dir wësst awer ganz genau, dass dat jo net richteg ass. Déi richteg Zuel, déi een haut misst kucken, an déi déi ass, un där ee sech misst - loosse mer soen - orientéieren, dat ass déi vun 11%. Well de Budget définitif vun deem mir do schwätzen, dee gëtt et jo an där Form schonn net méi. Haut wësse mer jo schonn ongeféier wat erakënnt, a mer wëssen, dass 270 Milliounen Euro manner erakommen. Also ass et net vu 6,2% Steigerung vis-à-vis vun deem Budget wou mir schwätzen, mä vun 11%.

Dat dote kënnt och net eleng vu mir, och d'Banque centrale huet genau déiselwecht Iwwerleeung gemaach. Mä mir hunn eis jo net ausenanergesat mat där doter Fro. Mir sinn op der Uewerfläch bliwwen. An esou, wéi et hei elo Usus war, dass dat wat d'Regierung virgeplättelt huet, dass dat hei als immens gutt ëmfonnt ginn ass, dat ass ee Feeler gewiescht. Ech soen Iech, mir hunn eis net ausenanergesat mat deene Chifferen. An dat do ass dat beschte Beispill. Mir hunn nach ëmmer vu 6,2% geschwat; mir si scho längst bei 11%. D'Banque centrale huet Iech et virgerechent, wéi een dat Ganzt hätt kënnen upaken. Mä Dir wollt jo net.

Déi Regierung hei, an déi Majoritéit hei, ass bis elo geprägt gi vun Iddiëlosegkeet, vu Reformstau, hu mir Iech gesot. Och dat ass en Ënnerscheed an der Politik. Et ass net nëmme fir - wéi en Epicier - deen ee Frang an deen anere Frang ze kucken. Et ass och wat een anescht géif maachen.

Déi Regierung hei hat elo méi wéi dräi Joer Zäit alles anescht ze maachen. Hat Zäit dat esou ze maachen…

***(Interruption)***

…si huet zum Deel gemaach, wéi den Här Weiler dat jo och richteg gesinn huet, dass am Joer 2004 d'Land aneschters ausgesäit wéi am Joer 1999. En hat vergiess ze soen, dass et dësem Land wesentlech méi schlecht géif goen.

Mä ech akzeptéieren dann awer net, muss ech soen, vu Säite vum President vun der DP-Fraktioun, dass en hei op eemol seet, mir hätten eng ganz Rei Punkten évoquéiert, déi si souwisou géinge maachen. Mä Dir hat laang Zäit, fir se ze maachen. A fir dann hei e Speach halen ze kommen iwwert d'Risikokapital, schléit wierklech dem Faass de Buedem aus.

Dat si jo och Saachen, déi een normalerweis hei op der Tribün, vis-à-vis vu Kolleegen, net mécht. Mä wéi ech déi Fro gestallt hunn, ech mengen et ass den Artikel 14, ech weess et net méi, iwwert déi Bestëmmung vum Risikokapital, iwwert déi ech schonn e puer Mol geschwat hunn - et ass nozeliesen: Wat ass dat do dann? Här Weiler, Dir sidd mäin Zeien, wat ass dann do vun Äntwert komm? Et wousst keen, weder de Rapporteur, nach iergendeen an der Finanzkommissioun, eng Äntwert drop ze ginn.

***(Interruption)***

De Minister wousst et net, ganz richteg Här Bausch, dee wousst net ëm wat dass et géing goen. Mä fir dann après coup heihinner ze kommen, vun iergendengem sech eppes schreiwen ze loossen, an eis hei d'Lektioun iwwer Risikokapital ze maachen, an et weess een an der Sitzung, wou soll driwwer geschwat ginn, mol net ëm wat dass et geet, sou einfach geet dat do net, an dat do loossen ech och net an där doter Form op mer sëtzen.

Ech muss och soen, et mengt ee grad d'lescht Woch hätte mir hei d'Ënnerscheeder net opgezeechent an der Wirtschaftspolitik. Ob et Iech gefält, déi 21 Punkten, oder net, ob deen een oder anere Punkt och bei engem anere steet, oder och schonn eng Kéier een dru geduecht huet, ass net dat wat zielt. Mä wat ass gemaach ginn? Et ass, ausser Bedaueren, net vill gemaach ginn. Ech muss soen, wat ass da geschitt um Plan d'action PME? Wat ass da geschitt? Ech hunn Iech virgerechent, wat säit 1999 alles net geschitt ass. Wëllt Dir dann nach bis an d'Joer 2020 domadder waarden? Wat ass da geschitt mat der Studië iwwert d'Geschäftswelt? Wat ass da geschitt am elektroneschen Handel, wou mir nach ëmmer op d'Zertifikatioun waarden? Ech schwätzen nach ëmmer nëmme vun der Wirtschaft.

***(Interruption)***

Wat ass da geschitt, Här Haupert? Dir hätt e laang kënne realiséieren, de Guichet unique, dee gefrot ass. Wat ass da geschitt mat deenen neie Startbedéngungen, déi ee jonken Entreprisë muss ginn? Wat ass da geschitt mat den Hëllefs- a Förderprogrammen um europäesche Plang? Wat ass da geschitt, beispillsweis mat deene Virschléi, vu dass Dir ëmmer vu menger Bibel schwätzt? Um Niveau vun der Wirtschaft wieren déi frou wann dat duerchgesat gi wier.

De Stat ass ee schlechten „Zahler“, et ass e „mauvais payeur“. Ech hu gefrot, ob dat kéint, wann et och net an de Prozedure méi schnell kéint ginn, dann zumindest neutraliséiert ginn. Dat ass 1997 gefrot ginn. Als grouss Erkenntnis vum Budgetsminister huet en an där enger Sitzung gesot, si géingen elo probéiere Scholden, Steierscholden, eng géint déi aner ze neutraliséieren an opzerechnen; dat war 1997. D'Wirtschaft waart drop. Hei gëtt einfach…

***(Interruption)***

Ech war net Minister, Här Weiler, ech war net Minister, ech war beoptraagt ginn, fir Virschléi ze maachen. Ech hunn Iech eng ganz Rei Virschléi gemaach. Dir hätt d'Steierscholde scho laang kënnen neutraliséieren, Dir hätt kënnen aféieren, wat et bei all Bank haut gëtt, nämlech wann ech Suen iergendwou zegutt hunn, da kréien ech Zënsen drop, esou wéi ech muss Zënsen op deene bezuelen, déi ech schëlden. An dat ass net geschitt. An da weigert Dir Iech nach ëmmer, dat ze maachen.

D'Wirtschaft dobausse versteet net, an d'Betriber, och déi normal Steierzueler, verstinn net, dass se Zënsen ze bezuelen hunn op deene Suen, déi si ze bezuelen hunn, wa si se net bezuelen, mä dass se keng Zënse kréie bei deene Steierscholden, déi de Stat hinne schëlleg ass.

Wëllt Dir nach, dass ech e bësse weiderfueren an de Wirtschaftsfroen?

***(Interruption)***

Well ech géif mengen, ech iwwerloossen de Leit dobausse festzestellen, ob op engem Punkt, Här Weiler, ob op engem eenzege Punkt, nämlech deem vun der Wirtschaft, et net ënnerschiddlech Positioune gëtt, déi weisen, dass eng aner Politik méiglech ass.

An der Bildung - mengen ech, brauch ech net drop anzegoen - kréie mir jo och d'Geleeënheet bei PISA déi Ënnerscheeder opzezielen.

An der Familljepolitik, hunn ech Iech gesot, hu mir eng ganz aner Approche. Mir hunn eng Approche, net fir d'Leit doheem ze halen - nämlech d'Elteren, an an deem Fall meeschtendeels d'Fra -, mä hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, mat op den Aarbechtsmaart ze goen, hir Ausbildung, déi se haut besser huet wéi virun 20 Joer, auszenotzen. An dofir feelt et u Crèchen, et feelt u Ganzdagsbetreiung.

De véierte Punkt, soen ech Iech dann, ass dee vun der Mobilitéit. Mir erstécke permanent am Stau.

***(Interruption)***

Do sinn d'Alternativen: Wat ass dann elo d'Alternativ vun Iech bis elo? Wat ass da vun dëser Regierung bis elo komm?

***(Interruption)***

Kee Meter Schinn.

***(Interruption)***

Méi Bussen? Wat hu mir vu méi Bussen? Dat bréngt guer näischt.

Dach, an der Stad Lëtzebuerg hu mir elo déi genial Iddi, fir deene Leit, déi en Auto hunn, eng Vignette ze froen. Dat heescht, d'Possessioun vun hirem Auto, an en op d'Strooss stellen, dat gi mir elo bestrofen, doduerch dass mer se do froen eppes ze bezuelen.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Dat ass jo d'Welt op d'Kopp gestallt. An den Här Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg huet

probéiert e Konzept dohinner ze leeën. Ech wier domat d'accord gewiescht, an ech hätt zumindest Verständnis dofir, wann een higaange wier, et hätt ee fir d'éischt den öffentlechen Transport ausgebaut, attraktiv gemaach, an effikass gemaach, an dann hätt een déi Mesuren do alleguerte geholl. Dann hätt ech nawell gestridde mat Iech iwwer d'Vignette, soen ech Iech. Mä aner Mesüren, déi hätt ech kënne matdroen.

Dat ass dat, wat an der Gesellschaftspolitik den Ënnerscheed mécht, Dir Dammen an Dir Hären. Hei hu mer awer schonn an der Drogepolitik gesinn, mir hu gesinn an deenen neie Partnerschaften, wéi déi behandelt ginn. Mir hu gesinn an de Froe vun der Ethik, dass et grouss Ënnerscheeder hei gëtt, ob een dat eent gutt fënnt oder dat anert. Mä et gi grouss Ënnerscheeder. An dat sinn d'Alternativen, déi eis Partei bitt. Mir hunn eng ganz aner Approche do. An der Nohaltegkeet hu mer Iech se opgewisen, mir hunn Iech se an der Kohesioun vun dëser Gesellschaft opgewisen.

Huelt nëmmen d'Verwaltungsreform, wou dann hei eng Oppositiounspartei freet, fir dass endlech déi Barrièren ofgebaut ginn, déi jo awer festgestallt gi sinn, a wou den Här Frieseisen e Rapport ofginn huet. Wat ass da mat deem geschitt? Wat ass mat deem Rapport geschitt an der Zwëschenzäit? Mir hunn e Ministère krut vun der Verwaltungsreform. Mä ausser engem gréngen Telefon ass dach näischt geschitt. De Service public, kuckt emol d'Ënnerscheeder, déi et do gëtt an der Approche. Mir hunn Iech se e puermol gewisen, am Registre de Commerce, mir hunn Iech se gewisen am Führerschäin; Dir kritt se op x Plaze gewisen, wou mir eng aner Approche zum Service public hunn eweí Dir. An der Justiz wier se liicht nozeweisen. Am Wunnengsbau hu mer Iech se nogewisen. A muer wäerte mer gesinn, a Froe vu Sozialpolitik, wat d'Ënnerscheeder sinn. Den Här Lux, an anerer, wäerten Iech dat muer weisen.

Dofir, et ginn hei am Land Méiglechkeeten, fir eng aner Politik ze maachen. Déi muss net - wéi en Epicier - ausgerechent ginn op de Frang. Ech muss Iech soen, dat do sinn Alternativen, déi och méi Suen zu engem gudden Deel erabréngen. Eng aner Wirtschaftspolitik géing jo och méi Sue gegebenefalls erabréngen, ier mer mol ufänken un d'Ausgaben ze denken.

An ech mengen, déi Approche, dat ass déi, déi Dir scheinbar net geschnallt hutt, wéi se haut soen. An ech soen Iech, et ass eng aner Politik méiglech. Dat do war nëmmen de Résumé dovun. An ech soen Iech merci fir d'Opmierksamkeet. Mä och dësen amendéierte Budget wäerte mer net stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Nächste Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mir suivéieren alleguerte mat ganz vill Intérêt déi Debatten, déi sech um Niveau vum Secret bancaire maachen. Mir erënneren drun, datt mer der Regierung do ons Ënnerstëtzung ubidden, am Kader vun deem Mandat, wat d'Chamber hir ginn huet.

Ech wëll awer och drun erënneren, datt mer net midd gi sinn ze soen, datt déi Basis, dee Changement de politique, deen zu Feira gemaach ginn ass, ons an dës schwéierwiegend Situatioun bruecht huet, déi mer elo kennen. Mir hätte sollen zu Feira, zesumme mat den Éisträicher duerchkucken, datt mer eng Quellesteier direkt krut hätten zu Feira, anstatt datt mer elo versichen, nees erëm op deen ale Kurs zréckzegoen an datt mer mussen unerkennen, datt d'Taktik ons hei un d'Schliddere bruecht huet.

Loosse mer all hoffen, datt d'Regierung zolidd bleift, datt se sech net op Kompromësser aléisst, esou wéi d'Mandat vun der Chamber et ausweist.

Zweete Punkt, deen ech wollt diskutéieren, dat ass eng Reaktioun op déi kleng Polemik, déi ech hei mat onsem Tresorminister, en fait Spekulatiounsminister, hunn.

Une voix.- Oh!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech wëll hei nach eng Kéier op eppes hiweisen, Här Minister, an dofir sinn ech frou, datt Der haut hei sidd, datt Der mer do kënnt direkt eng Äntwert ginn. Ech hunn hei héieren, datt den Här Minister ons déi Zuelen, déi mer vun der Cour des Comptes krut hunn, an déi ech och vérifiéiere konnt, datt en déi hei a Fro stellt. Notamment, hu mer festgehalen, datt d'Placements à terme 3,49% abruecht hunn. Den Här Minister seet ons hei, op sengem Spuerbuch hätte se 3,21% abruecht. Ech wëll den Här Minister froen, ob et stëmmt, datt e bei sengen Zuele vläicht Äppel a Bire vermëscht huet, an notamment d'Rendements vun de Comptes courants mat dra gerechent huet. Well da geet et nämlech op.

Deen zweeten Deel, dat ass bei de Rendementë vun deenen Obligatiounen, wéi hie se nennt, déi op den Aktiemäert um Eurostocks ugelehnt sinn. Do seet en ons, datt d'Obligatiounen an d'EMTNen zesummen, an et ass déi Nuance déi ech gutt fannen, 3,39% Rendement bruecht hunn. Wann ee weess, datt d'Obligatioune mat 6% ugeluegt sinn, da froen ech elo just den Här Minister: Wéivill hunn déi EMTNë bruecht? Stëmmt et, datt déi nëmmen 2% an eppes bruecht hunn, an datt doduerch par rapport zu engem Placement en bon père de famille um Spuerbuch ronn 1 Milliard bis elo verluer gaangen ass?

Dat sinn déi Donnéeën, déi mer krut hu vun der Cour de Comptes. Ech wier frou, Här Minister, wann Dir ons prezis Zuele kéint soen, a wann Der déi Informatioun, déi mer op der Cour des Comptes krut hunn, kéint offiziell dementéiere mat aneren Zuelen. Esou laang wéi dat net geschitt, hu mer Schwieregkeete fir Iech ze gleewen.

Deen zweete Punkt, deen Der hei awer hutt missen zouginn, dat ass, datt déi Engagementer op den EMTNen, déi sech ulehnen un d'Evolutioun vum Eurostocks, ënnert anerem, dat heescht un d'Performancë vun den Aktiemäert, datt wann een déi misst fréizäiteg verkafen, datt mer deen Abléck missten eng gehéiereg Perte afueren. Dat ass eppes, wat Der hei zouginn hutt, an ech mengen och dat muss een zréckbehalen.

Nach eng Kéier, Här Minister, mir hoffen net, datt dat muss geschéien. Mä et muss een awer soen, datt wann een EMTNen engagéiert bis an d'Joer 2011, an et kéint eventuell sinn, datt déi Reserven, déi mer hunn, schonn 2005 erschöpft wieren, wa mer net zousätzlech Plus-valuë kéinte kréien, Der da musst verkafen. An dat bedeit Pertë vun 10, 20, 30%, jee nodeem wéi de Maart et dann ausweist. Ech mengen, dat ass de Grond woufir mer gesot hunn, datt hei spekuléiert ginn ass an datt e Risiko besteet.

An nach eng Kéier: Mir géingen Iech opfuerderen, fir entweder hei konkret Zuelen ze soen, a Montanten ausgedréckt wéi et et sech gehéiert, oder Iech wéinstens d'accord ze erklären, fir mat ons an der Finanzkommissioun oder an der Commission du Contrôle budgétaire, eng Kéier déi Donnéeën do op den Dësch ze leeën, an dann eventuell herno, en connaissance de cause, nach eng Kéier hei an der Chamber driwwer ze debattéieren.

Den drëtte Problem, deen ech wollt uschneiden, dat ass e Problem, wou Der och als Minister zoustänneg sidd, a wou Der näischt maacht. Dat ass déi Avance sur traitement non regularisé. Fir d'Joer 2000, 770 Millioune Lëtzebuerger Frang, wou Gehälter ausbezuelt gi sinn, wou en Deel vun deene Gehälter, ech betounen: en Deel vun deene Gehälter, dem Gesetz net entsprécht, a wou keng Décisioun geholl gëtt, wou d'Gesetz virgesäit, datt dat sollt bei d'Cour administrative goen. D'Regierung mécht et net. Resultat: déi Montante ginn net verbucht. Wann een dat kuckt, wat elo nach aussteet vun de Jore virdrun, da kënnt een op 5,8 Milliarde Gehälter, wou augenblécklech nach net feststeet, ob se geschëllt waren oder net, ob en Deel dovunner geschëllt war oder net. An déi Dépensë ginn net verbucht. Dépensen déi net verbucht ginn, déi huet een theoretesch awer getätegt, mä si si just nach net als Dépensë verbucht ginn. An anere Wierder, mir hu 5,8 Milliarde méi an de Reserve stoen, déi a Wierklechkeet 5,8 Milliarde fiktiv Reserve sinn. An ech mengen, dat ass e Reproche, Här Minister, deen Dir Iech musst un den Hutt stiechen, datt an dräi Joer Zäit hei näischt, guer näischt geschitt ass, an datt et monter weidergeet.

An anere Wierder, ech resüméieren: Spekulatioun an Illegalitéite sinn dat wat hei d'Aart a Weis charakteriséiert, wéi hei dës Regierung d'Finanze vum Stat an d'Reserve vum Stat ugeet. An dofir ass et kloer, datt wann esou Saachen nach weider ginn, datt den ADR e Budget, oder e Budget rectifié, net ka stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären. Ech wollt am Fong kuerz nodeem den Här Budgetsminister haut de Mëtten hei Stellung zu eiser Motioun gezunn huet, wou mir drageschriwwen hunn, datt d'Regierung soll mensuellement d'Chamber informéieren, a wou den Här Minister de Mëtten d'Propositioun hei gemaach huet, fir datt een dat soll trimestriellement maachen, an ech direkt eisen Accord ginn hunn, dat och offiziell maachen, sou datt mer an eiser Motioun dat Wuert mensuellement duerch trimestriellement géifen ersetzen, fir deem Rechnung ze droen, wat den Här Budgetsminister de Mëtten hei gesot huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat am Fong net méi wëlles haut d'Wuert zu dësem Budget ze ergräifen, mä ech hu mer awer scho geduecht, datt den Här Weiler d'Geleeënheet net géif verpassen, fir iergendwéi awer nach eng Kéier hei drop ze kommen, an da queesch duerch de Gaart d'Oppositiounsparteien hei duerchzesuelen. An datt mir natierlech un éischter Stell stinn, dat éiert eis an dat bleift an der Traditioun vum Här Weiler.

Dat gëtt eis dann ëmmer d'Geleeënheet, fir eis mat enger Rei vun Aussoen, déi den Här Weiler, dee jo bekanntlech dat aacht Gebot net esou genau kennt, gemaach huet, hei auserneen ze setzen. Den Här Weiler huet domat ugefaangen, datt d'Madame Nicklaus d'lescht Woch hei net méi zu Wuert komm ass, an datt den Här Gibéryen hei mat miesen Tricke geschafft hätt, fir datt d'Madame Nicklaus net méi sollt zu Wuert kommen.

Här President, all Kéiers dann, wann een heibannen an der Chamber drop hält, datt eist Reglement ugewannt gëtt, inklusiv de President selwer, da sinn dat laut dem Här Weiler mies Tricken, wann et zum Nodeel vun der CSV ass. Mir hunn hei e Chambersreglement, dat ze applizéieren ass an ech fannen et eng gelungen Approche vun engem Fraktiounspresident, wann eng aner Partei sech drop behaapt, datt d'Reglement soll applizéiert ginn, datt da vu miesen Tricke geschwat gëtt.

Des Weideren huet den Här Weiler gesot, ech hätt d'lescht Joer zu kengem Moment gefrot, dass mir sollen Zäit bäi kréien, zum Beispill Zäit vun de Motioune mat bäi huelen. Ma, Här President, mir halen eis un d'Reglement a wa mer keng Zäit méi hunn, da soe mer net: Mir hätten elo nach gären Zäit bäi. Mir wosste jo och, datt den Här Weiler zum Schluss erauskomme géif an dann iwwert den ADR hierfalle géif, well hien ebe wosst, datt mer keng Zäit méi haten. Kéint Dir Iech da virstellen, Här President, dass wa mir, nodeem den Här Weiler d'lescht Joer dee miesen Trick do gemaach huet, nach Zäit gefrot hätten, d'CSV higaange wier a gesot hätt: Ah jo, elo kritt Dir nach Zäit bäi. Also déi si mer eis net siche gaangen. Mir hunn einfach keng Zäit méi gefrot, well mer keng méi haten, a well mer eis wëllen un d'Reglement halen. Dat esouwäit zum Här Weiler senger Ausso.

Mä och d'Madame Nicklaus huet de Mëtteg hei gemengt, op d'Tréinendrüs missen ze drécken, fir dem ADR hei virzewerfen, mir wieren net gentil zu enger Fra gewiescht. Här President, ech wëll der Madame Nicklaus soen, dass si als Presidentin vun enger Kommissioun, déi fir Chancëgläichheet hei antrëtt, si un alleréischter Stell net misst heihinner kommen a soen: Och wa keng Zäit méi do ass, mä well ech eng Fra si misst ech awer elo nach Zäit kréien, fir hei ze schwätzen. Da misst se mat der Gläichberechtegung bei sech ufänken, well ech ka mech net erënneren, datt an eisem Reglement - well eist Reglement ass gläichberechtegt, Madame Nicklaus - virgesinn ass, datt eng Fra méi Rechter wéi e Mann heibannen an der Chamber huet.

Dann ass vun der Madame Nicklaus gesot ginn: Den ADR ass Schold drun - a mir hätten Ierbessenzielerei gemaach -, datt si net méi de leschten Donneschdeg zum Schwätze komm ass. Här President, ech wëll nach eng Kéier drun erënneren: Mir hunn net méi an net manner gemaach, wéi eist Reglement applizéiert. Den Här Weiler weess dat och, mä den Här Weiler versicht natierlech ofzelenken. Hie schwätzt léiwer mam ADR iwwer e Reglement wéi iwwer aner politesch Themen.

***(Interruption)***

D'Madame Nicklaus kënnt dann heihinner a seet: Firwat kommen ech eréischt als lescht vun 21 Spriecher hei drun? Här President, dat war eng ganz interessant Fro, déi d'Madame Nicklaus hei gestallt huet, mä si hätt dem Här Weiler déi misste stellen, well den Här Weiler huet d'Lëscht eragi vun den Orateure vun der CSV. A Madame Nicklaus, do stoungt Dir als néngt vun néng drop. Dir musst den Här Weiler da froen, firwat dass hien Iech als néngt drop gesat huet. An da wësst Der och, firwat datt Der d'office op Grond vun eiser Prozedur als lescht hei an der Chamber dru komm sidd. A wa leschten Donneschdeg d'CSV keng Riedezäit méi hat, da war dat och net dem ADR seng Schold, mä d'CSV hat eben néng Orateuren eraginn, an déi aner hunn Är ganz Zäit opgebraucht, Madame Nicklaus.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Den Här Weiler, als Éischten an der Rei, huet zéng Minutten iwwerzunn. Op d'mannst wousst den Här Weiler dunn, datt déi zéng Minutten, déi d'Madame Nicklaus hanne sollt kréien, net méi do wieren.

***(Hilarité)***

Dat weist déi grouss Léift, déi et an der CSV-Fraktioun gëtt. A wéi ech de Mëtteg hei gesot hunn, Här President, dass d'CSV frou wär, wa se op d'mannst eng Fra manner an hire Reien hätt, do hat ech keen Numm genannt, mä do huet déi grouss Léift sech beim Här Weiler erëm duerchgesat, well hien huet direkt gesot ech hätt d'Madame Nicklaus domadder gemengt. An domadder hat ech d'Madame Nicklaus guer net gemengt.

***(Hilarité)***

Här President, mä dës Debatt huet nach aner Saachen un d'Dagesliicht bruecht. Mir kënnen eis erënneren, datt den Här Statsminister hei deklaréiert huet, datt et an dëser Legislaturperiod keng Gehälterrevisioun géif ginn. Mir wëssen awer, datt dat eent vun den Haaptziler, zumindest vun enger Partei, der liberaler Partei, an der Regierung war, well den Här Statssekretär huet net manner wéi 67 Organisatiounen, Ënner- an Ënnerënnerorganisatiounen aus der Fonction publique emfaangen iwwer Méint a Joren, fir eben déi global Gehälterrevisioun ze preparéieren.

Ech hunn och schonn zënter Joren hei gesot, datt d'CGFDP an der Regierung vertratt wier. Nach d'lescht Woch, wéi ech dat gesot hu vun der CGFDP, dunn ass vun der DP aus gesot ginn, dat kéim net a Fro; dat wier net esou, ënner kengen Ëmstänn. Mä d'Geheimnis ass gelüft ginn. D'lescht Woch steet da keen aneren hei, wéi den Här Statssekretär Schaack zu spéider Stonn owes, mä et ass awer näischt, wat un der Realitéit dofir ännert, an hie seet dann dunn zu de sozialistesche Kolleegen: „Wéi ech nach deen aneren Hutt ophat, wéi ech nach gewerkschaftlech aktiv war, a wéi mir bei Iech komm sinn hu mir ni eppes vun Iech kritt." Mir, dat ass d'CGFP. An da seet dann hei de Statssekretär: Mir. Dat ass de Beweis, datt d'CGFP an der Regierung ass. Wann ech da gesot hunn d'CGFDP, da stëmmt dat zu 100%. Mir hunn de Beweis d'lescht Woch kritt.

Et ass du gefrot ginn, ob de Statssekretär dann averstane wier mat der Deklaratioun vum Här Juncker, datt et keng global Gehälterrevisioun géif ginn. Hien huet du gesot, dat wier esou an der Regierung décidéiert ginn.

Une voix.- Point - à la ligne.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- „Point à la ligne", sot hien hei. Och dat huele mer zur Kenntnis.

Wat fir mech awer positiv ass, ech si jo elo net een, deen dofir bekannt ass, dass hien ëmmer ganz fein mat der CGFP ass - si jo och net mat mir, dat mécht awer näischt -, mä wat awer d'CGFP éiert, dat ass, datt d'CGFP mat averstanen ass, datt déi global Gehälterrevisioun net kënnt,...

***(Hilarité)***

...well schliesslech souz jo d'CGFP mat um Regierungsdësch, wéi dat décidéiert ginn ass an de Statssekretär vun der CGFP huet jo hei deklaréiert, si géife voll hannert där Décisioun stoen.

Ech mengen, dat éiert an dësem Fall d'CGFP, datt se an där schwiereger Zäit, an där d'Land sech befënnt, hei esou eng responsabel Haltung iwwerhëlt a mat der Regierung mat décidéiert an averstanen ass um Regierungsdësch, datt ebe keng global Gehälterrevisioun an dëser Legislaturperiod soll realiséiert ginn.

***(Interruption)***

Här President, en anere Punkt, deen ech nach eng Kéier wollt uschwätzen, ass dee vun de Gemengefinanzen. Den Här Statsminister an den Här Budgetsminister hunn d'lescht Woch an annerhalwer Stonn Ried kee Wuert iwwert d'Gemenge verluer. De Mëtteg huet den Här Budgetsminister fir d'éischt e puer Wuert iwwert d'Gemenge verluer,...

Une voix.- Awer just e puer.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- ...awer hien huet näischt gesot. Dat war genau datselwecht wéi dat, wat den Innenminister an der zoustänneger Kommissioun gesot huet. Deen huet och e puer Wuert gesot, mä hien huet och näischt gesot. D'Gemenge stinn einfach am Drëpsschlag. D'lescht Woch en Donneschdeg ass den Här Innenminister am Jeudi gefrot ginn, wéi hien dann zu där Situatioun vun de Gemengefinanze stéing. Du sot hien, hien hätt vollt Vertrauen an d'Gemengen, datt déi déi Saach scho géifen an d'Rei maachen.

Här President, ech wëll Iech awer soen, esouwäit wéi ech d'Gemenge kennen, hunn déi leider kee Vertrauen, a scho guer kee vollt Vertraue méi an den Innenminister an an dës Regierung, well déi ginn hei zu 100% am Reen stoe gelooss. Als ee vun de Majoritéitsdeputéierten huet den Här Graas hei selwer proposéiert - vläicht net proposéiert, mä zumindest an d'Diskussioun bruecht -, et sollt ee sech emol iwwerleeën, ob een net kéint d'Grondsteier héijen.

***(Interruption)***

D'Grondsteier, jo.

Dat heescht also, déi Regierung hei, déi recommandéiert de Gemengen, d'Steieren ze héijen. An d'Stad Lëtzebuerg ass gëschter mam gudde Beispill virgaang, se huet se massiv erhéicht. Dat heescht alleguer déi Leit, déi iwwert déi Steierreform keng Vergënschtegunge kruten, Kleng- a Mëttelverdénger, déi ginn elo iwwert de Wee vun de Gemengesteieren an -erhéijunge geschröpft. Well ob elo ee mam Mindestloun säin Auto an der Stad virun der Dier stoen huet oder e Bankdirekter, jidderee muss datselwecht elo an der Stad bezuelen.

Et gëtt also eng Déviatioun gemaach, an da kënnt de Statsminister heihinner an deet sech de soziale Mäntelchen un, datt hie fir déi kleng Leit do wier, fir de Mindestlounbezéier do wier. A wat gëtt mat dëser Politik gemaach? Hei gi grad déi kleng a mëttel Revenuë voll getraff.

De Mëtte si mer elo vertréischt ginn op de Januar, datt da géif den Innenminister mat de Gemengen zesummekomme fir ze kucken, wat do da kéint gemaach ginn. Mä wann d'Gemenge keng Garantië kréien, wéi hir Finanze sech iwwer 2004 ewech entwéckelen, da wäerten d'Gemengen hir Investitioune bremsen. Wa mer dëser Deeg an den Zeitungen d'Gemengerotsberichter liesen, da gesäit een, datt queesch duerch d'Gemengen déi Attitude ageholl ginn ass.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann de Mëtten den Här Weiler hei gesot huet, si wieren net Schold drun un deem ekonomeschen Abroch, dat wier eng weltwäit Kris, da wëll ech awer soen, datt ëmmer déiselwecht Leit, wann et biergop gaangen ass, gesot hunn, si wiere Schold drun. Si hunn dach d'Äppel getässelt am Keller, dee mer haut huelen. Wien huet dann déi Äppel? War dann och net d'Regierung Schold un deene villen Äppel, wouvun elo dëser Deeg geschwat gëtt?

Et kann net esou sinn, wann et biergof geet, dann ass d'Regierung net Schold, a wann et biergop geet, dann ass dat de Mérite vun der Majoritéit. A wann et och nach esou wier, Här President, da wëll ech awer ganz kloer soen, wann dës Regierung d'Gemengen am Ree stoe léisst, datt d'Gemengen net méi investéieren an datt de Bau an d'Handwierk dann a seng gréisste Kris erarutscht an de Chômage an d'Luucht geet, dann ass awer all Chômeur, dee mer d'nächst Joer weider duerch déi dote Politik provozéieren, eleng an exklusiv d'Schold vun dëser Regierung, déi d'Gemengen all Joers am Ree stoe léisst. Kuckt d'nächst Joer all Mount, wann d'Chômagestatistiken erauskommen, wéi vill datt se an d'Luucht ginn, da kënnt Dir Iech déi un Ären Hutt schrauwen, well dat ass da ganz eleng dëser Regierung hir Schold, déi eben déi dote Politik provozéiert huet.

Als weidere Punkt ass hei vum Här Weiler gesot ginn, mir hätte keng Alternativen. Ech wëll awer soen, datt mir hei gesot hunn, datt ee misst zu dësem Zäitpunkt Prioritéite setzen. Prioritéite setzen, wou mer gesot hunn, d'Schoulen, d'Spideeler, Altersheimer, Fleegeheimer, den öffentlechen Transport, Kläranlagen, soll ee virsetzen, viru Rockhalen oder Muséeën. Et sollt een d'Lounmass afréieren an et sollt een eng Réforme administrative maachen, déi bis elo just doranner bestanen huet, datt de Statssekretär e gréngen Telefon mat 8 Nummeren agefouert huet. Virdrun huet ee véier Nummeroe gedréint fir keen ze kréien, lo dréint een der aacht fir keen ze kréien.

***(Hilarité)***

Här President, den Här Weiler huet dann och gemengt, mir hätte gesot, et misst ee staarke Coup de frein gemaach ginn, am Hibléck vun deene 700.000 Awunner. Et stëmmt, datt mir gesot hunn, als ADR, datt een net de Wuesstum kéint esou onkontrolléiert weiderlafe loossen. Mir schwätzen alleguer, an net nëmme mir, mä jiddereen am Land, an den Här Budgetsminister huet d'lescht Woch och hei vun engem vertrietbare Wuesstum geschwat, mir hunn net geschwat vun engem Minuswuesstum, oder engem Nullwuesstum, mir hu vun engem vertrietbare Wuesstum - an dat vergësst den Här Weiler a senger intellektueller Éierlechkeet ëmmer - geschwat. An et wier, well mer schonn zu deem Zäitpunkt d'Infrastrukturen net méi gepackt hunn, well mer net méi Schoule genuch haten, well mer de Verkéierschaos an de Stroossen hunn, well mer kee Bauland méi haten, well d'Baupräisser an d'Onendlecht geklomme sinn, wat jo awer alles Konsequenze vun där Politik do waren. Dofir huet ee missen och déi Diskussioun ufëieren, wann een net mengt datt et dohinner hätt kënne virugoen, fir op e vertriedbare Wuesstum ze kommen.

Datt d'Regierung, Här President, net wosst, datt se scho méi gebremst hätten, wéi mir jeemools wollte bremsen, dat hu mer dëser Méint jo gesinn, Här President. Den Här Juncker, eise Stats- a Finanzminister, ass anere Länner Lektiounen erdeele gaangen, wat se alles misste maache fir d'Stabilitéitskritären ze respektéieren. An dat zu engem Zäitpunkt, wou Lëtzebuerg schonn d'rout Luucht, europawäit, am wirtschaftleche Wuesstum war. Esou huet scho laang kee Lëtzebuerger Stats- a Finanzminister sech méi blaméiert, dee jo iwwerall, bei d'Fransousen, bei déi Däitsch, gaangen ass, keen Interview ausgelooss huet, fir deene Lektiounen ze erdeelen, wat se alles misste maachen, deen an Däitschland bei der CDU/CSU op Wahlversammlungen opgetratt ass, fir deenen alleguer ze soen, wat se misste maachen, fir de Stabilitéitskritär ze erfëllen, a mer waren zu deem Zäitpunkt schonn d'rout Luucht vun deene 15 EU-Staten.

Dat beweist, Här President, datt et mat der Wäitsiicht an der Kloersiicht an där gudder Finanzpolitik vun der CSV net esou ass wéi dat ëmmer gezielt gëtt. Hei huet d'CSV mat hire sougenannte Spezialiste sech net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä europawäit esou blaméiert, wéi scho laang kee sech méi blaméiert huet.

Dann nach ee leschten Thema, de Rentendësch.

Madame Stein, wann Der midd sidd, da kënnt Der schlofe goen.

***(Hilarité)***

Et ass keen deen Iech heihält.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Also, Här Gibéryen, Dir kënnt awer net hei d'Kolleege perséinlech beleidegen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ma neen, d'Madame Stein ass permanent amgaange mir hei ze soen: Dann hal op!

***(Hilarité)***

M. le Président.- Ech hunn awer näischt héieren.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dach, Här President, ech héieren nach gutt.

Här President, den Här Weiler huet da gesot, den ADR hätt um Rentendësch…

Mme Nelly Stein *(CSV).*- Dir laacht och nach. Et war schonn an der Schoul esou: wann een domm war hunn déi aner gelaacht.

***(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)***

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech muss allerdéngs elo soen, datt d'Kolleege méi gelaacht hunn no der Madame Stein hirer Interventioun wéi no menger.

***(Hilarité)***

Um Rentendësch, Här President, hate mir effektiv Fuerderungen erabruecht déi deene Chiffere correspondéieren, déi den Här Weiler virdrun hei gesot huet. Dat stëmmt. Dozou sti mir. Ech mengen, mir hu schréftlech eraginn, datt mer dat verlaangt hunn, fir eben hei zu Lëtzebuerg Rentegerechtegkeet ze realiséieren. Wann een dee Chiffer do héiert, da gesäit een och wéi grouss d'Rentenongerechtegkeet hei am Land ass. Well dat do ass dee Chiffer, dee mer als Allgemengheet missten opbréngen a verdéngen, fir Rentegerechtegkeet hei am Land ze hunn. Den Här Weiler seet: Wa mer dem ADR seng Fuerderung erfëllt hätten - dat huet e virdru gesot -, da kéinte mer als Land de Schlëssel ënnert d'Dier leeën. Dat heescht an anere Wierder, wa mer hei am Land jidderee behandele sou wéi mer d'Fonction publique behandelen, da leeë mer de Schlëssel ënnert d'Dier.

Dës Regierung - an och déi viregt Regierung - ass higaangen an huet eng Reform vun de Pensiounen an der Fonction publique duerchgezunn, wou se en Iwwergangsregime gemaach huet, wou se 40, 50, 60 Joer, bis d'Leit gestuerwe sinn, nach deen deiere Renteregime weider lafen a weider finanzéiere loossen. Also 40, 50 Joer leeft dee Regim weider. Et huet kee gefrot, wat dat géif kaschten. An den Här Weiler net an och keen aneren huet gerechent, ob dat elo 10, 15, 20, 50 Milliarde géif kaschten. Neen, et ass ouni Kommentar gestëmmt ginn. A wann de Privatsecteur déiselwecht Rechter aklot, da gëtt gesot, da musse mer de Schlëssel ënnert d'Dier leeën.

Mir loossen eis vu kenge Leit hei Lektiounen erdeelen, déi mat alle Mëttelen d'Rentenongerechtegkeet hei am Land wëlle weiderféieren. Mir wäerte weider mat deene Chifferen déngen, datt all Mënsch, zumindest hei am Land, gesäit, wéi grouss datt déi Rentenongerechtegkeet ass. An den Här Weiler huet treffend de Mëtten hei ënnerstrach, wéi grouss datt déi Rentenongerechtegkeet hei am Land ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et bléif sécherlech nach vill ze soen, mä meng Kolleegen an ech, mir hunn, mengen ech, alles an dëser Debatt gesot. Ech mengen, ech iwwerraschen Iech net, wann ech och nach als Leschte vun eis soen, datt mer dësem Budget net wäerten zoustëmmen.



M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss, a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vun der Loi budgétaire a stëmmen driwwer of.

Ech wollt nach drop opmierksam maachen, datt d'Amendementer, déi vun der Commission des Finances et du Budget ugeholl goufen, en integrale Bestanddeel vum Budgetsprojet duerstellen. Den Texte coordonné vum Budgetsprojet ass un d'Deputéierte verdeelt ginn als Annexe zum Rapport complémentaire vun der Kommissioun a steet am Dokument 5000[10]. Déi verschidde budgetär Kreditter an Dépensen als Annexe zum Texte de loi gehéieren zum Artikel 1. Mir maachen elo d'Lecture vum éischten Artikel.

***Lecture du texte du projet de loi (par M.Jean Asselborn)***

M. le Président.- Den Artikel 1 ass gelies.

De Vote iwwert dësen Artikel 1 gëtt opgehuewe bis déi aner Artikelen ugeholl sinn, well hei d'Konklusioune vum Budget drastinn.

D'Artikelen 2 bis 45 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert den Artikel 1, dee gelies ass, of. Hélt d'Chamber den Artikel 1 un?

***(Assentiment)***

Den Artikel 1, an deem de Budget säin Néierschlag fënnt, ass ugeholl.

Da komme mer zum leschten Artikel iwwert d'Entrée en vigueur.

Den Artikel 46 ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5000.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 34 Jo-Stëmmen a 26 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jeannot Belling), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

***Motions***

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zu de Motiounen, déi abruecht gi sinn. Kënne mer par main levée ofstëmmen? Den Här Minister Frieden, freet d'Wuert zu der Motioun 1.

***(Interruption)***

Entschëllegt, d'Wuert huet den Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, d'Motioun 1 ass u sech superfétatoire, well d'Motioun 3 geet an deem Sënn vill méi wäit.

***(Hilarité)***

Mir froen, well dat jo hei ëmmer Misär mécht, speziell bei der Madame Wagener an hire Kolleegen, d'Prioritéit net, well dat jo anscheinend antidemokratesch ass, wann een d'Reglement hei uwennt. Dofir wäerte mir déi Motioun 1 oflehnen, stëmmen awer d'Motioun 3, wou méi gefrot gëtt wéi dat, wat an der Motioun vum Här Gibéryen dran ass.

M. le Président.- Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech si frou festzestellen, datt d'CSV den Owend d'Guillotine hei net spille léisst an d'Prioritéit net freet fir hir Motioun. Ech géif awer trotzdeem mengen, well eis Motioun als éischt deponéiert ginn ass an datselwecht freet wéi d'Majoritéit…

***(Interruption)***

Här Weiler, Dir hutt Är Motioun erkläert, ech wëll dat och maachen.

Här President, wann den Här Weiler seet, hir Motioun géif vill méi wäit goen, da wëll ech soen, wat an hirer méi drasteet, dat ass: „à veiller à une exécution prudente et rigoureuse du budget des recettes et des dépenses de l'Etat de 2003".

Ech fannen et éierlech gesot, Här President, fir eng Majoritéit blamabel, datt déi vun hirer Regierung verlaangt, datt de Budget misst „prudent" a riguréis applizéiert ginn. Ech hat gemengt, dat wier eng Selbstverständlechkeet. Wëllt dat heeschen, wa mer déi Motioun vun der CSV hei stëmmen, datt an der Vergaangenheet dat ni gemaach ginn ass?

M. le Président.- Den Här Budgetsminister huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, aus Respekt virum Parlament hunn ech fir d'éischt d'Parlamentarier schwätze gelooss. Et sinn awer zwee Elementer, onofhängeg wéi d'Chamber décidéiert doriwwer ofzestëmmen, déi an där Motioun 1 an 3 anescht sinn, an déi si fir d'Regierung substanzieller Natur.

An der Motioun 1 geet Rieds vun enger Information mensuelle. Ech hat virdrun a menger Ried gesot, datt dat net vill géing bréngen, well wann een d'Steiere vum Mount Januar kuckt oder d'Dépensen, an et vergläicht een déi zum Beispill mat deene vum Mount Dezember, do gesäit een esou Ënnerscheeder, datt een eng richteg Analys nëmme kann no dräi Méint maachen. Dat ass dat Eent.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat ass an der Zwëschenzäit scho geännert ginn.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- D'accord, wann dat geännert ass. Ech hunn nach déi Versioun mat „mensuellement".

Deen zweete Punkt ass deen, datt an der Motioun 1 och Informatioune gefrot ginn iwwert d'Situation économique du pays. De Wirtschaftsminister huet mech gebieden der Chamber ze soen, dass ausser deene Rapporten, déi all dräi Méint de Statec schreift, d'Regierung an ech selwer kaum gesinn, wat fir eng Rapporten dat

nach kënnte sinn. Dofir géing ech gären als Regierung wëssen, wat dann nach méi gefrot ass? Mir bréngen Iech déi Informatiounen, déi mer hunn, mä et kommen ëmmer déi Notes de conjoncture vum Statec eraus, an déi kritt selbstverständlech och d'Chamber. Mer wëlle wëssen, wat dat genee heescht.

An der Motioun 3 geet Rieds vun der Evolution des recettes fiscales. Ech mengen, dat ass eppes, wat Der bis elo net kritt hutt, an dat kritt Der selbstverständlech. Dat hat ech d'lescht Woch schonn an der Chamber gesot. Dat gëtt mer iwwregens d'Geleeënheet, fir och nach ze soen, datt contrairement zu deem, wat d'lescht Woch hei behaapt ginn ass, datt d'Steierverwaltung keng Leit hätt, fir hir Aarbecht ze maachen, datt déi dräi Finanzverwaltungen an dëser Legislaturperiod a bis an d'Joer 2003 140 Leit - ech ënnerstraichen d'Zuel 140 - bäikritt hunn. Déi Poste si justifizéiert an dofir huet d'Regierung hinnen déi ginn. Et ass also net näischt gemaach ginn.

Am Résumé: D'Motioun 3 reflétéiert méi déi Soucien, déi ech elo grad genannt hunn, mä d'Regierung wëllt trimestriellement an d'Chamber kommen. Et ass duerfir un der Chamber ze kucken, ob se d'Motiounen 1 an 3, oder nëmmen d'Motioun 3 stëmmt. Dat ass der Regierung en fin de compte egal.

M. le Président.- Den Här Alex Bodry huet nach d'Wuert gefrot.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, ech mengen, u sech kënnen déi zwou Motioune Satisfaktioun ginn, wa mir eis eens si wat mir drënner verstinn, a wa mir och wierklech wëllen eng Rei vun Defiziter vun Informatioun behiewen, déi an der Vergaangenheet bestanen, an déi awer elo an der Zäit, wou et wirtschaftlech méi enk gëtt, effektiv kriddelech sinn. Et ass wichteg, dass d'Chamber, mengen ech, esou gutt wéi d'Regierung, lafend déi Situatioun verfollegt, fir dann deementspriechend kënnen anzegräifen, wann et néideg ass.

Niewent de Recettes fiscales, schéngt mir jo awer och d'Exekutioun selwer vum Budget eppes Wesentleches ze sinn. Dofir mengen ech, dass et net duergeet, wéi an der Motioun 3 vun de Majoritéitsparteien dra steet, dass et nëmmen hei ëm déi trimestriell Informatioun iwwert d'Einnahmesäit eigentlech geet. Et wär och wichteg, dass een eng trimestriell Informatioun iwwert d'Ausgabesäit hätt, fir datt ee gesäit, wéi am Laf vum Joer d'Exekutioun vum Budget duerchgefouert gëtt, well nëmmen dat erméiglecht et eis jo och den éischten Tiret hei ze kontrolléieren, wou d'Regierung nach eng Kéier opgefuerdert gëtt, fir eng gewësse Rigueur un den Dag ze leeë bei der Ausféierung vun hirem Budget, obwuel se schonn d'lescht Joer gesot huet, si géif dat riguréis duerchféieren - si huet dat och dës Kéier erëm eng Kéier gesot -; duerfir bréngt dat doten eis theoretesch net vill Neies. Mä et ass awer wichteg, dass déi zwou Säite gekuckt ginn, souwuel d'Einnahmen eléi och d'Ausgaben.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Si mécht dat och.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Da besteet nach en drëtten Defizit, deen och scho vun anere Leit festgestallt ginn ass, dat ass déi Programmation pluriannuelle, déi mir hunn, mat den Investitiounsfongen.

Do hu mer och dëst Joer misse feststellen, dass eenzel Käschtepunkte vu Projeten nach net à jour gesat gi sinn an der Programmatioun. Dat gëtt net méi au fur et à mesure gemaach. A virun allem, wat mech besonnesch stéiert, dat ass, dass se ab engem gewëssenen Datum ophéiert, an da just nach eng Rubrik do ass „exercices ultérieurs", wat d'Dépensen ugeet.

Dat ass awer net realistesch, well u sech eenzel Projete weider gefouert ginn iwwert déi Exercicer duerno. Dofir wär et wichteg, dass net nëmmen eng Period vu véier bis fënnef Joer gekuckt gëtt, mä dass een do méi wäit géif goen an eng Period vun aacht bis zéng Joer kucken, fir dass een och wierklech ka verfollegen, wat lass ass. Et deet mir Leed, et ass fir mech ganz éierlech erschreckend, dass ech hu misse feststellen an eenzelnen Tableauen, déi presentéiert gi sinn, wat d'Ausgabe vun de Fongen ugeet, dass e puer Fongen Ufank 2006, dat ass net méi laang, theoretesch op Null sinn, wat d'Avoiren ugeet.

Et ass also esou, dass, wann ee wëllt mat den Dépensë weiderfueren, mä genau weess een net, wat dat Joer drop vun Dépensë virgesinn ass, een eigentlech misst d'Dotation budgétaire dann drastesch eropsetze fir dat Joer. Do klappt jo iergendeppes net, an dofir menge mir, dass et wichteg wär, dass een och do regelméisseg, dat schéngt mir eng semestriell Basis missen ze sinn, géif eng Mise à jour maache vun deene Programmatiounen no den neisten Donnéeën, déi een huet, wat de reelle Käschtepunkt an de reellen Timing vun de Projeten ugeet, an dass een dann awer iwwer 2006 eraus géif méi prezis Zuele ginn. Soss ass, mengen ech, d'Chamber net à même ze kontrolléieren, ob déi Projeten iwwerhaapt nach iwwert deen Datum eraus finanzéierbar sinn oder net. Mir wäre frou, wann an deem Sënn d'Motioun 3 kënnt complétéiert ginn.

M. le Président.- Kënne mir ofstëmmen? Hei ass d'Prioritéit verlaangt gi fir d'Motioun 3.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Jo, okay. Da schwätze mer bei der Motioun 3 nach eng Kéier doriwwer. Mir kucke bei der Motioun 3 nach eng Kéier.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Neen, d'Motioun 1 kënnt zum Vote. Mir froe keng Prioritéit; schéi propper der Rei no.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Den Här Weiler ass emol eng Kéier verstänneg.

Une voix.- Mir halen eis net méi un d'Reglement. Den Här Gibéryen hätt dat gären esou.

M. le Président.- Mir stëmmen dann of iwwert d'Motioun 1.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen, oder enthale sech.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 34 Nee-, 21 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jeannot Belling), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

Da komme mer zur Motioun 2, déi vum Här Bausch abruecht ginn ass. Kënne mer direkt doriwwer ofstëmmen?

***(Interruption)***

Den Här Budgetsminister Frieden freet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, den Här Bausch huet Recht, wann hie seet, dat hei wär eng Matière mat där hie schonn op d'mannst beim leschte Budget komm wär. Et ass awer esou, dass dat heiten eng relativ komplizéiert Matière ass. Et ass och dofir, firwat d'Regierung bis haut zu där Proposition de loi nach keng schréftlech Stellungnahm ginn huet. Si wëllt dat awer a kierzester Zäit nohuelen. Dat fir Är Informatioun.

Dat Zweet ass, dass ech mat dëser Motioun awer Problemer hunn, well en fait gëtt hei gefrot, dass d'Regierung op Grond vun enger Proposition de loi e Projet de loi soll maachen. Wann den Här Bausch a seng Fraktioun esou iwwerzeegt si vun där Proposition de loi, da proposéieren ech, dass d'Chamber déi Proposition de loi kuckt, den Avis vum Conseil d'Etat freet an doriwwer ofstëmmt. Et ass jo awer e komesche Prozess, dass hei gefrot gëtt, e Projet de loi op Grond vun enger Proposition de loi ze schreiwen. Ech mengen, d'Parlament huet den Droit d'initiative législative. Se sollen da kucken, wat se domadder maachen.

Eng drëtt a lescht Observatioun ass déi, dass ech am Fong d'Kohärenz vum Discours vum Här Bausch net honnertprozenteg verstinn. Hien huet der Regierung virgeworf, ze vill Steieravantagen ze accordéieren an dësen Zäiten, an am zweeten Tiret gëtt proposéiert, fir hei en «Abattement de revenu imposable» ze introduiséieren. Ech mengen, et ass net d'Zäit, fir nei Abattementer anzeféieren. Et muss een dat awer och gesinn à la lumière vun deem, wat mir schonn a Steierreduktioune gemaach hunn. Dat hëlt net onbedéngt eppes ewech vum Wäert, fir iwwer Investmentfonge mat dësem Objektiv ze diskutéieren, mä et muss een awer och kucken, dass et net un der Zäit ass, fir weider Reduktioune vu Steieren ze ginn, och wa se positiv Aspekter beinhalten. Op Grond vun all deem géif ech mengen, dass d'Chamber dës Motioun net sollt unhuelen.

M. le Président.- Den Här François Bausch huet d'Wuert gefrot.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech gesinn et war elo net einfach fir de Budgetsminister, hei Kéieren ze fannen, fir déi Motioun do kënnen ofzelehnen oder net, oder d'Chamber opzefuerderen se net unzehuelen. Ech wëll awer soen: Esou einfach ass et net.

Den éischten Tiret - dat wëll ech lech direkt soen - steet eigentlech just do pour mémoire, dass ech eng Initiativ geholl hunn. Ech sinn direkt bereet, deen ze sträichen, well dat ass mir eigentlech zimlech egal. Hei geet et mir drëms, dass eppes geschitt. Et ass mir zimlech egal, wien herno schlussendlech do den Initiator war. Also, ech sinn direkt d'accord deen ze sträichen.

Dann zum Punkt vun de Steieren, do wëll ech Iech soen: Är Ausso ass interessant, a si ass virun allem interessant, well dat mir bestätegt, dass Dir einfach net wëllt nolauschteren, wat ech Iech hei elo schonn zwee Deeg laang erklären. Nämlech dass mir amplaz vun Iech, wou Dir e Steierreduktiounsprogramm gemaach hutt, eng Steierreform gemaach hätten, déi engersäits dra bestanen hätt, dass mir wahrscheinlech och verschidden Erliichterungen zougestanen hätten, mä virun allem an der Struktur vun eisem Steiersystem Saachen agebaut gi wären, déi e kloren Impakt gehat hätten op d'Ekonomie zum Beispill. Net andeem mir mat der Géisskan higaange wären an einfach breet verdeelt hätten, ouni ze wëssen, ob dat iergendeppes bruecht hätt. Dat heiten ass ee Volet dovunner.

Mir hätten, wa mir an der Regierung gewiescht wären, drop gedrängt, dass 2000 eng Steierreform komm wär, wou dann eenzel Elementer dozou gehéiert hätten. Ech hat gesot d'ekologesch Komponent wär eng gewiescht, déi och dozou gehéiert hätt, an déi hei wär och eng gewiescht, déi dozou gehéiert hätt. Dofir si mir der Meenung, dass et awer wierklech äusserst problematesch ass, wann dës Regierung kee Problem dra gesäit, mat der Géisskan d'Geld ze verdeelen. An do, wou et selektiv drëm geet, ganz genau, ganz geziilt eppes ze förderen, wou ee kënnt moossen herno, wat den Impakt ass fir eis Ekonomie, do ass se dergéint. Dofir ass et fir eis natierlech kloer, dass mir zu deem Tiret hei stinn. Ech sinn zwar d'accord deen éischten Tiret ze sträichen, dat ass mir egal, mä deen anere bleift selbstverständlech hei dran, well dee läit an der Logik vun deem, wat ech argumentéiert hunn.

Ech muss och soen, Här Frieden, dat entsprécht awer zumindest och nach deem, wat ech virun engem Joer vum Finanzminister erklärt kritt hunn, souguer no deem wat dës Regierung jo duerch dee Steierreduktiounsprogramm décidéiert hat, ass de Finanzminister der Meenung gewiescht, dass dat heiten eng Pist wär, och wat de steierlechen Aspekt ubelaangt, déi ee misst suivéieren, a wou ee misst onbedéngt eppes maachen. A sief et nëmme fir den nationale Marché, fir deen Aspekt, deen ech virdrun erklärt hunn: de Verloscht vun der Loi Rau an den Ersatzproduit vun der Loi Rau, wou een hei hätt kënnen en neie Kader dofir schafen.

Wéi gesot, ech proposéieren den éischten Tiret ze sträichen, Här President. Ech hätt gären e Vote électronique, well déi fadenscheineg Argumenter do, déi gebraucht gi sinn, fir dat ofzelehnen, kënne mech kaum iwwerzeegen. Déi si just dofir geduecht, fir sech endlech aus der Situatioun hei erauszerieden.

M. le Président.- Den Här Jeannot Krecké huet nach d'Wuert gefrot.

***(Brouhaha général)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Den drëtten Tiret: „Considérant le manque à gagner en termes d'image de marque…". Mir wäre frou, wann Dir dat géift ëmänneren, wann Dir géift soen: „En considérant le gain que ces investissements pourraient…". Et ass vläicht e bësse komesch ausgedréckt. An da géif ech virschloen, anstatt beim éischten „Invite le Gouvernement" ze soen, „Invite le Gouvernement à accepter" oder „à aviser favorablement la proposition de loi" ze soen. Da kéint een effektiv de Projet de loi ewechloossen.

***(Hilarité)***

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här Krecké, zu „à aviser favorablement" ; mir décidéieren nach selwer, ob mir eppes favorabel aviséieren oder net.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Dofir froen ech, fir dat ze maachen, well Dir musst jo mat Äre Leit eppes ausschaffen. Dat schafft jo soss keen aus.

M. le Président.- Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 2.

E Vote électronique ass verlaangt.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 34 Nee-, 21 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes et Aly Jaerling;*

*M. Serge Urbany.*

Da kéime mer zur Motioun 3. Kënne mer do par main levée ofstëmmen?

***(Assentiment)***

Hëlt den Här Minister Stellung dozou?

***(Interruption)***

Da kënne mer also direkt ofstëmmen?

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Neen, nach net.

M. le Président.- Den Här Bodry freet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech wéilt, well virdru keen drop reagéiert huet, eng Propos maachen, dass mindestens awer géif an den zweeten Tiret stoe kommen: „A surveiller de près l'évolution des recettes fiscales et des dépenses budgétaires et à informer trimestriellement la Chambre des Députés".

Une voix.- Très bien.

***(Interruption)***

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Nee, do steet net dran, dass d'Chamber soll informéiert ginn, dat schéngt mer wesentlech ze sinn. Dat wär nämlech nei, par rapport zu deem, wat mer haut hunn.

***(Interruption)***

M. le Président.- Also d'Regierung ass d'accord fir déi Änneru ng unzehuelen. Da kommt mer stëmmen iwwert déi modifiéiert Motioun of, déi elo folgende Wuertlaut huet:

***Motion 3 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*Au vu des chiffres-clef décrivant l'évolution économique du Luxembourg qui ont été publiés au cours du dernier trimestre de 2002, «qui renseignent une quasi-stagnation de notre économie en 2002, ainsi qu'une croissance minime pour 2003»;*

*Considérant que ces nouvelles données, en combinaison avec les estimations de recettes nouvellement effectuées par les administrations fiscales, ont eu un impact sur la finalisation du projet de budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour 2003, «dans la mesure où les prévisions de recettes pour l'exercice 2003 ont dû être revues à la baisse par rapport au projet initial»;*

*Considérant qu'indépendamment des statistiques et prévisions, la situation économique actuelle nécessite une gestion extrêmement prudente et rigoureuse des deniers publics ;*

*Invite le Gouvernement*

*À veiller à une exécution prudente et rigoureuse du budget des recettes et des dépenses de l'Etat de 2003;*

*À surveiller de près l'évolution des recettes fiscales et des dépenses budgétaires et à en informer trimestriellement la Chambre des Députés.*

***Vote***

Deen derfir ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, dass d'Motioun eestëmmeg ugeholl ass.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer a fänkt um 9 Auer un. D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 19.33 heures)***

# MERCREDI, 18 DÉCEMBRE 2002 — 19E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Jean Asselborn, Vice-Président**

## Ordre du jour

**1.** Communication

**2.** Ordre du jour

**3.** 5053 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

4995 - Proposition de loi de M. Lucien Lux portant modification de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

*(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

**4.** 4694 - Projet de loi portant

1. transposition de la directive 96/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 1996 concernant le détachement de travailleurs effectué dans le cadre d'une prestation de services;

2. réglementation du contrôle de l'application du droit du travail

*(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Henri Grethen et François Biltgen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 9.02 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Ech hunn e puer Kommunikatiounen ze maachen:

### 1. Communication

A la demande du Ministre du Travail et de l'Emploi, M. François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 17 décembre 2002, le

*- Projet de règlement grand-ducal N° 5071 autorisant le Gouvernement à mettre en œuvre des travaux extraordinaires d'intérêt général au cours de l'année 2003.*

### 2. Ordre du jour

Wat d'Reiefolleg vun de Projeten ubelaangt, déi haut op eisem Ordre du jour stinn, wëll ech Iech matdeelen, dass d'Projets de loi 4917, 4926 a 4923 iwwer d'Alters- a Fleegeheemer zu Mamer, Dikrech a Betzdorf aus organisatoresche Grënn haut de Mëtten um halwer dräi drukommen.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5053 zesumme mat der Proposition de loi 4995 vum Här Lucien Lux iwwert de Mindestloun. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Loes, Bettendorf, Jaerling, Bausch an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener.

### 3. 5053 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

### 4995 - Proposition de loi de M. Lucien Lux portant modification de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

***Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi***

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi lescht Upassung vun de Mindestléin un d'Lounentwécklung ass den 1. Januar 2001 erfollegt. D'Bemiessungsgrondlag waren d'Léin aus de Joren 1998 an 1999. Deen Ajustement war 3,1%. Profitéiert vun dësem Ajustement hate 35.705 Persounen. Dovu waren 18.465 Männer a 17.140 Fraen. Esou wéi beim Ajustement virdru waren och dës Kéier méi Männer wéi Fraen, déi vum Mindestloun ofhängeg sinn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Gesetz gesäit vir, dass all zwee Joer d'Regierung dem Parlament dee Bericht iwwert d'Lounentwécklung am öffentleche wéi am private Secteur virleeë muss. Déi Entwécklung vun de Léin gëtt no enger festgesater Method gerechent. Si ass festgeluegt duerch d'Gesetz vum 24. Abrëll 1994, an ass erweidert ginn duerch d'Gesetz vum 23. Dezember 1994. Deen éischten Ajustement no der neier Methodologie ass den 1. Januar 1995 a Kraaft getrueden.

Gepréift gëtt ebenfalls déi wirtschaftlech Entwécklung an déi wirtschaftlech Capacitéit zu Lëtzebuerg. Op Grond vun dësen Analyse kann d'Regierung dem Parlament virschloen, d'Mindestléin un déi errechent Lounentwécklung unzepassen oder och net.

Dëse Bericht ass dem Parlament den 8. November 2002 mat engem Projet de loi virgeluegt ginn. Bemiessungsgrondlag waren d'Joren 2000 an 2001. Während dëse Jore sinn d'Léin hei zu Lëtzebuerg ëm 3,5% an d'Luucht gaangen. D'wirtschaftlech Capacitéit zu Lëtzebuerg erlaabt et ouni Weideres, esou seet och de Projet vun der Regierung, dass d'Mindestléin och ëm 3,5% erhéicht kënne ginn. Deem zur Folleg proposéiert d'Regierung een Ajustement vun de Mindestléin ëm 3,5%, an dat ab dem 1. Januar 2003.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi zoustänneg Parlamentskommissioun huet den 21. November vun dësem Joer hire President als Rapporteur genannt, an hat eng éischt Berodung iwwert de Gesetzesprojet. De Statsrot huet säin Avis den 10. Dezember 2002 ofginn. Dësen Avis beinhalt keng fundamental Bedenken. Aus dem Avis wëll ech ledeglech zwou Bemierkungen zitéieren: Éischtens, d'Erhéijung vum Mindestloun wäert, ausser den Horescasecteur, wéineg Auswierkungen op eis Wirtschaft hunn. Dat stellt de Statsrot och fest. Zweetens, mat Bezuch op d'Proposition de loi Lucien Lux, mengt de Statsrot, ausser dem Ajustement vun 3,5%, keng zousätzlech Erhéijung ze stëmmen. Sou wäit den Avis vum Statsrot.

De Statsrot bemierkt awer och, dass him bei senge Berodungen nach keen Avis vun iergendenger Beruffschamber virlong. Leider hat och eis Kommissioun bei hirer Berodung vun dësem Rapport, och keen Avis vun enger Beruffschamber virleien. Et ass natierlech bedauerlech, well mat Sécherheet wär deen een oder aneren Aspekt vun de Beruffschambere mat an d'Diskussioun agefloss, an hätt mat Sécherheet dozou bäigedroen, dass den Iwwerleeunge vun deene Leit, déi fir dee Secteur zoustänneg sinn, Gewerkschaften a Patronatsvertrieder, an eiser Kommissioun Rechnung gedroe gi wär. Mir hunn dat bedauert a riichten een Appel un d'Regierung, dofir ze suergen, dass an Zukunft de Projet de loi méi fréi op den Instanzewee bruecht gëtt.

Iwwregens hu mir scho virun zwee Joer déiselwecht Bemierkunge gemaach. Et ass awer net d'Schold vun der Regierung, mä de Problem läit an der Prozedur, well d'Regierung kann dee Projet jo eréischt déposéieren, wa se de Rapport vun der IGSS huet. Nun, wann d'Regierung awer spéit, um Enn vun dësem Joer dee Rapport kritt huet, da ka se net méi fréi e Projet de loi op den Instanzewee ginn. Dat huet dann och zur Folleg, dass d'Beruffschamberen esou wéi se fonctionnéieren, net à même sinn, e Rapport ofzeginn. Dofir ass et natierlech fir déi Kommissioun, déi een objektive Rapport soll maachen a Berodunge féieren, och net einfach, wa se net weess, wat d'Beruffschambere soen.

Mir hunn awer gëschter ausgedeelt kritt den Avis commun vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers. Esou wéi all déi aner Rapporte konnt dann och deen heiten net schréftlech a mengem Rapport berücksichtegt ginn. Ech wëll awer dräi fundamental Bemierkungen erauspicken.

Wat steet am Avis vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers? Éischtens soe se: keen Ajustement. Zweetens soe se, de Mindestloun ass eng Moossnam, déi net méi noutwendeg hei zu Lëtzebuerg ass. Wann een Ajustement soll geschéien, da muss en net an deem volle Betrag sinn, wéi d'Lounentwécklung et virgesäit. Weiderhi soe se, dass et och net ubruecht wär, fir d'Mindestléin all zwee Joer un d'Lounentwécklung unzepassen. Prinzipiell soe se: Keng Erhéijung vum Mindestloun, virun allem elo net an där wirtschaftlech onsécherer Zäit an där mir eis befannen.

Dann ass awer eng Ausso an deem Avis, déi mir mat Sécherheet méi konkret an eiser Kommissioun diskutéiert hätten, an déi mech awer e bësse stéiert. An zwar soen déi zwou Beruffschamberen, dass déi Leit, déi de Mindestloun bezéien, u sech Leit sinn, déi net qualifizéiert sinn, a well se net qualifizéiert sinn, hu se wéineg Afloss op d'Produktivitéit hei zu Lëtzebuerg, an dofir wär et och net ubruecht, déi Léin unzepassen.

Dat fannen ech e staarkt Stéck, well et muss een awer wëssen, dass dee gréissten Deel vun de Mindestlounbezéier qualifizéiert Leit sinn. Dat si Leit, déi eng Beruffsausbildung hanneru sech hunn, eng Gesellepréfung gemaach hunn, eng Beruffsausbildung, op déi mir esou vill halen. A wa mir soen, dass dat keng qualifizéiert Leit sinn, jo da muss ee sech Froe stellen iwwert den Inhalt vun eiser Beruffsausbildung. Iwwer eis Beruffsausbildung ass awer net eleng d'Madame Brasseur als Erzéiungsministesch zoustänneg, mä fir den Inhalt vun der Beruffsausbildung sinn eis Patronatsberuffschamberen zoustänneg. Dofir fannen ech et schonn e staarkt Stéck, wann déi Leit, déi zoustänneg si fir d'Beruffsausbildung, soen, dass d'Leit, déi de Mindestloun kréien, net qualifizéiert sinn, wou gewosst ass, dass vläicht de gréissten Deel vun de Mindestlounbezéier just qualifizéiert Leit sinn.

Da soen déi zwou Beruffschamberen, dass si et net richteg fannen, dass mir eng Beitragsdecken hu fir d'Cotisatioune vun de Sozial- a vun de Pensiounsversécherungssystemer, déi op dem Mindestloun baséiert a multiplizéiert gëtt mat engem bestëmmte Betrag. Et ass fënnefmol de Mindestloun. Do verstinn ech awer elo d'Welt net. Wat ass dann d'Alternativ zu enger Beitragsdecken? Eventuell keng Beitragsdecken. Wat heescht dat? Also och kee Plaffong méi bei de Leeschtunge vun de Pensiounen? Ech hunn näischt dergéint. A wa mir dogéint sinn, fir dee Plagfong bäizebehalen, fënnefmol de Mindestloun, da musse mir awer wëssen, dass doduerch d'Cotisatiounen an d'Luucht ginn, an dat eng weider Belaaschtung just fir d'Entreprisë bedeit, déi ëmmer erëm, an elo och net midd ginn, och net bei deem Rapport, deen den Niki Bettendorf eis muer hei wäert presentéieren, fir drop hinzeweisen, dass d'Belaaschtung ëmmer méi grouss gëtt, an dass se der Meenung sinn, dass misst déi Bestëmmung vum Rentendësch annuléiert ginn. Notamment si se och dergéint, dass iwwerhaapt een Ajustement fir d'Pensioune soll erfollegen.

Also do fannen ech séier wéineg Koherenz. Et deet mer Leed, Kolleeginnen a Kolleegen, datt mer net d'Geleeënheet haten, fir méi am Detail an eiser Kommissioun dorop anzegoen. Dat hätt mat Sécherheet zu interessanten Diskussioune gefouert. Mä ech war mer dat als Rapporteur awer schélleg, de Kolleegen hei an der Chamber matzedeelen, wat an deem schréftlechen Avis vun de Patronatschamberen drasteet.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, selbstverständlech hu mer eis am Detail mat enger Rei vu Froen an der Kommissioun auseenaner gesat. An eng Fro war: Ass et ze veräntwerten, grad elo wou d'wirtschaftlech Prognosen net brillant sinn, de Mindestloun ze héijen? Wellech Auswierkungen huet d'Erhéijung vum Mindestloun op d'Compétitivitéit vun eise Betriber? Wat ass de Käschtepunkt vun dëser Upassung?

Op all déi Froe fannt Der eng Äntwert am Exposé des motifs vum Här Biltgen sengem Projet. An Dir fannt et och am Detail a mengem schréftleche Rapport. Erlaabt mer awer ganz kuerz heizou e puer Bermierkungen. Eng Etüd vum Statec beweist, datt d'Upassung vun de Mindestléin, wa se all zwee Joer virgeholl gëtt an d'Lounentwécklung sech net iwwert der Produktivitéit beweegt, den Ajustement vun de Mindestléin wirtschaftlech duerchaus onproblematesch ass, keen Ofbau vun Aarbechtsplazen zur Folleg huet an d'Lounentwécklung net no uewen dreift. Et ass dat schonn eng séier wichteg Feststellung, well déi doten Aussoen hunn Ulass ginn, fir ze argumentéieren, fir keen Ajustement virzehuelen, och hei an der Chamber. Den Ajustement vun 3,5% huet eng Erhéijung vun der Lounmasse vun nëmmen 0,21% zur Folleg. 0,21%, dat ass äusserst minim. Den Ajustement vun 3,5% bedeit fir d'Gesamtheet vun eise Betriber ee Käschtepunkt vun 2 Milliounen Euro pro Joer. Deem géintiwwer awer, an dat ass och interessant mol eng Kéier ze kucken, steigen d'Ausgabe vum Fonds de l'Emploi ëm 1,5 Milliounen Euro.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, opgrond vun all deene Feststellungen an Iwwerleeunge koum eis Kommissioun eestëmmeg zur Schlussfolgerung, datt et keen Argument gëtt fir de Mindestloun net ëm 3,5% ze erhéijen. Zousätzlech sief awer nach gesot, datt just an Zäite vun null wirtschaflechem Wuesstum et net schuet, wann de Konsum ugekuerbelt gëtt. D'Erhéijung vum Mindestloun geet mat Sécherheet an déi Richtung.

Esou wéi d'Regierung, an dat getrei enger Motioun vum 21. Dezember 2000, déi de Kolleeg Lucien Lux hei presentéiert huet, huet eis Kommissioun sech och mat der Proposition de loi Lucien Lux beschäftegt. Als Rapporteur vun der Kommissioun wollt ech soen, datt mer ganz objektiv an der Kommissioun déi Proposition de loi analyséiert hunn. Ech well dann och e puer Aspekter vun där Diskussioun a mengem mëndleche Rapport hei erläuteren.

U sech huet de Lucien Lux, am Numm vu senger Fraktioun, bei deenen zwee leschte Mindestlounajustementen zweemol eng Proposition de loi gemaach. An zwar beim leschten Ajustement vum 1. Januar 2001 huet de Kolleeg Lux proposéiert, een zousätzlechen Ajustement ee Joer méi spéit, den 1. Januar 2002, vun 3,5% ze beschléissen, an dat opgrond vun de steierlechen Erliichterungen, vun deenen d'Betriber an och d'Salariéë profitéiert hunn a laut dem Här Lucien Lux d'Mindestlounbezéier net. Elo op den Ajustement vum 1. Januar 2003 proposéiert de Lucien Lux net nëmmen de Mindestloun ëm déi 3,5% ze héijen, mä fir den Ajustement op 7% unzehiewen. An d'Argument waren d'Steierreforme vun 2001 an 2002. Ech sinn iwwerzeegt, den Här Lux wäert nach op seng Proposition de loi agoen an och mat Sécherheet d'Onverständnis vun der Majoritéit brandmarken, déi him Onrecht ginn hu mat sengen Iwwerleeungen.

Nun, getrei där Motioun, déi mer hei gestëmmt hunn, huet d'Regierung sech dat einfach gemaach a si huet ënnersicht an analyséiert, wéi wäit datt d'steierlech Begënschtegunge vun deene leschten zwee Joer keng Auswierkung op d'Mindestléin sollten hunn, an ob et ubruecht wier, fir opgrond vun de steierlechen Erliichterungen elo een zousätzlechen Ajustement, respektiv een dueblen Ajustement als Kompensatioun ze beschléissen. D'Regierung huet dat détailléiert analyséiert an déi Argumentatiounen, déi ugefouert ginn, widderluegt. Mir hunn dat och am Rapport vun eiser Kommissioun zu engem Deel festgehalen.

Mir sinn dann och zur Konklusioun an der Kommissioun komm, majoritär, datt et net ubruecht wär, opgrond vun de steierlechen Erliichterungen, elo och de Mindestloun just an dësen Zäiten, wou d'Wirtschaft effektiv Problemer huet, ëm dat duebelt ze héijen. Iwwregens, ganz kloer geet draus ervir, datt op de leschte steierleche Vergënschtegungen d'Mindestlounbezéier, déi der Steier ënnerstinn, och steierlech Vergënschtegunge kritt hunn. Am Rapport gesitt Dir, wéi wäit den Nettomindestloun geklomm ass, opgrond vun de steierlechen Erliichterunge vun 2001 an 2002. Et ass also net korrekt wann ee seet, datt d'Mindestlounbezéier vun de steierlechen Erliichterungen net profitéiert hunn. Wou keng steierlech Erliichterunge komm si fir d'Mindestlounbezéier, dat sinn déi, déi an de Klassen 2.1, 2.2 an esou weider sinn. Déi bezuele keng Steieren, och net no den Erhéijunge vum Mindestloun. Déi kënnen och keng Steiererliichterunge kréien.

Dat ass also een Argument, datt d'Regierung seet, datt et net ubruecht wier, fir opgrond vun der Steierpolitik an de Steiererliichterungen elo d'Mindestléin anescht ze ajustéieren, wéi déi allgemeng Lounentwécklung et festleet a wéi wäit och eis Philosophie vun eiser Ajustementspolitik dat definéiert. Et gëtt och gesot, datt mer den 1. Abrëll 1991, opgrond vu steierleche Verbesserungen, just dat benotzt hätte fir d'Mindestléin ëm 7,5% ze héijen. Ech hunn deen Débat nach eng Kéier verfollegt, dee mer hei an der Chamber gefouert hunn. Et war ganz spannend a ganz interessant, wat deemools gesot ginn ass. Deemools ass festgehale ginn, datt vun 1986 u permanent gefrot a gefuerdert ginn ass, datt mer d'Méthodologie fir d'Bemoosse vun der Lounentwécklung méi korrekt, méi konkret a méi richteg misste gestalten. Dat ass och geschitt, an et ass festgestallt ginn, nodeem zwee Joer virun 1991 - 1989 also - de Mindestloun ëm 3,5% gehuewe ginn ass, a gesot ginn: Dat ass eng Avance op den Nachholbedarf, dee mer mussen nohuelen, mä deen an deem Moment nach net korrekt virlouch. Opgrond vun enger neier Bemiessungsgrondlag ass festgestallt ginn, datt vun 1986 un een Nachholbedarf vu 7,5% bestanen huet.

D'Regierung hat de Choix dem Parlament ze proposéieren, éischtens deen Nachholbedarf ëm 7,5% global ze realiséieren, oder an Etappen ze realiséieren. A subsidiaresch, fir ze argumentéieren, datt et gutt a richteg wier, an enger Kéier deen Nachholbedarf nozehuelen, ze realiséieren, ass och gesot ginn: D'Steierreform vun 1991 ass een zousätzlecht Argument, fir just elo déi 7,5% Nachholbedarf duerchzezéien a Form vun enger Erhéijung vum Mindestloun. Dat huet hei an der Chamber zu schwéieren Diskussiounen Ulass ginn. Ech hunn dat nach eng Kéier, wéi ech gesot hunn, hei nogelies, an déi Propositioun vun der Regierung, déi an der Kommissioun majoritär awer ugeholl ginn ass, ass net op Unanimitéit hei an der Chamber gestouss. Et waren notabel Vertrieder vun der deemoleger Oppositioun, déi deemools net domat d'accord waren. Déi eng hu gemengt, d'ganz Landwirtschaft géif zesummebriechen, well 7,5% net ze verkrafte wier. Anerer hu gemengt, datt déi kleng Betriber dat net kënnte verkraften, déi géifen a Faillitë goen, Aarbechtskräfte géifen entlooss ginn an esou weider an esou fort. Si hu sech deemools enthalen. Dat war séier interessant a séier spannend. Dat kann ee jo noliesen.

Ech wollt dat nach eng Kéier soen, well mat Sécherheet och den Här Lucien Lux wäert argumentéieren, dass mer 1991 op Grond vun de Steiererliichterunge 7,5% Mindestlounerhéijung hei gestëmmt hunn an elo net méi bereet wieren, datselwecht ze maachen. Ech wëll also objektiv beweisen, dass déi 7,5% Erhéijungen, den 1. Abrëll 1991, net d'Folleg ware vu Steiererliichterungen, mä eenzeg an eleng d'Folleg ware vun engem festgestallten Nachholbedarf vun de Mindestléin op Grond vun der Lounentwécklung vun iwwer zéng Joer virdrun.

Une voix.- ...am Exposé des motifs?

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Dat steet awer och esou dran.

***(Interruption)***

Neen, Här Rippinger, mir hunn dat an der Kommissioun diskutéiert am Rumm vun der Proposition de loi Lucien Lux.

Ech wëll awer nach zwou Saache soen, och op Grond vun den Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun gefouert hunn, datt virun allem no der Tripartite eng zusätzlech Erhéijung vun de Mindestléin iwwert déi 3,5% keen Thema méi war, mat Ausnahm vum Patronat, dat dergéint ass, dass mer de Mindestloun ëm 3,5% héijen, mä fir d'Gewerkschaften an der Tripartite war dat keen Thema méi, fir vehement dofir anzetrieden, dass mer iwwert déi 3,5% aus steierleche Grënn géifen erausgoen.

Ech zitéieren do de President vum OGB-L, mäi gudde Kolleeg John Castegnaro, deen dëse Mount am Leitartikel vun enger Zeitung schreift: „Die Beschlüsse des Rententisches werden nicht angetastet." An elo kënnt et: „Mindestlohnerhöhung und Rentenajustement von 3,5% werden ab 1. Januar 2003 bezahlt. Dies auch als Bestandteil einer gerechten Umverteilungspolitik zu Gunsten jener, die bei den massiven Steuererleichterungen der Jahre 2001 und 2002 leer ausgingen." De John Castegnaro stellt fest - an ech fannen dat och richteg, dass hien dat feststellt -, dass u sech déi 3,5% ënner anerem schonn eng Kompensatioun sinn a berechtegt sinn op Grond vun de steierlechen Erliichterungen, déi 2001 an 2002 duerchgezu gi sinn.

Dat ass also e weidert Argument, fir d'Proposition de loi Lucien Lux net ze akzeptéieren. Et war dann och d'Majoritéit vun eise Kommissiounskolleeginnen a -kolleegen, déi der Meenung war, dass déi Proposition de loi Lucien Lux ofzelehne wier.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Dat ass Kasuistik dat do.

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Virdru waart Dir begeeschtert, wéi ech dat anert gesot hunn. Elo sidd Dir schonn net méi esou begeeschtert.

***(Interruption)***

Une voix.- Här President, wat hunn déi aner Gewerkschafte gesot?

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Ech hunn do weider näischt méi gehéiert.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, vun dëser Erhéijung vun de Mindestléin profitéiere 37.020 Persounen. Et sinn dat 19.160 Männer a 17.860 Fraen. Zesumme sinn dat an absoluten Zuelen 1.315 Leit méi wéi beim leschten Ajustement. 60% vun deene Leit, Ajustementbezéier, wunnen an eisem Land. Ronn 40% si Grenzgänger. 43% schaffen an de Secteuren Handel a Restauratioun. 26%, dat sinn der vill, schaffen an der Industrie, am Bau an an der Konstruktioun. Déi lescht Zuel ass schonn erstaunlech, well jo an dëse Secteure Kollektivverträg bestinn. Trotz allem schaffen an deene Secteure 26% vun de Mindestlounbezéier.

D'Erhéijung vum Mindestloun huet net nëmmen Auswierkungen op déi, déi mussen d'Mindestléin bezuelen, dat sinn eis Betriber, mä déi huet och Auswierkungen op d'Héicht vun der Aarbechtslosenënnerstëtzung, op d'Héicht vun der Studentenaarbecht, op d'Héicht vun den Entschiedegungen am Rumm vum PAN-Gesetz, op d'Héicht vun der Maximalpensioun, op d'Beitragshéicht vun de Sozialversécherungen, op de Beitrag vun der Fleegeversécherung an esou weider.

De Mindestloun ab 1. Januar 2003 ass 1.368,94 Euro, ausgedréckt an eisen ale Frange mécht dat 55.114. Dat ass e Plus vu 46,27 Euro (1.866 al Frangen). De qualifizéierte Mindestloun bedréit vum 1. Januar 2003 un 1.642,49 Euro (66.257 al Frangen). Dat ass e Plus vu 55,53 Euro (2.240 Frang).

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat war dat, wat ech mengem schréftleche Bericht wollt bäifügen. Ech soen alle Kolleegen, déi an der Kommissioun konstruktiv matgeschafft hunn, merci. Merci och un d'Vertrieder vun der Regierung an un d'Address vu menge Mataarbechter an dem Sekretariat vun der Chamber, déi et fäerdeg bruecht hunn, trotzdeem mer ganz staark am Drock sinn um Enn vun dësem Joer, rechtzäiteg d'Rapporten an d'Dokumenter weider ze verschécken.

D'Kommissioun huet ouni Géigestëmm dee virleiende Bericht den 12. Dezember 2002 ugeholl. Am Numm vun der Kommissioun bieden ech d'Chamber dee virleiende Projet ze stëmmen, dee fir 37.020 Leit eng verdéngten a wëllkomme Verbesserung vun hirer Pai bedeit. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Lucien Lux, als Auteur vun der Proposition de loi an als Orateur mandaté vu senger Partei. Den Här Lux huet d'Wuert.

M. Lucien Lux *(LSAP), auteur.*- Merci. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapporteur huet zu Recht drop opmierksam gemaach, dass mer den 21. Dezember 2000 anlässlech vun der leschter Upassung vum Mindestloun an dëser Chamber eestëmmeg eng Motioun gestëmmt haten, déi folgend Opfuerderung un d'Regierung enthalen huet: „à réexaminer les éléments contenus dans la proposition de loi dans le cadre de la réforme fiscale de l'année 2002 conformément aux souhaits exprimés par la commission parlementaire". An deem Saz läit schonn ee Widdersproch zu deem, wat de Rapporteur elo grad gesot huet, nämlech de Fait, dass et keng Relatioun gi sollt, senger Meenung no, tëschent der Upassung vum Mindestloun an de Steiererliichterungen.

D'Chamber war deemools eestëmmeg der Meenung, dass ebe just am Kader vun de Steiererliichterungen an anlässlech dëser Mindestlounupassung sollt analyséiert ginn, awéiwäit all déi Leit, all déi Familljen, déi vun de Steiererliichterungen net géife profitéieren, iwwert de Mindestloun eng Kompensatioun oder eng Bedeelegung un de Friichte vum Wuesstum an der gudder finanzieller Situatioun vum Land kéinte kréien.

Déi Proposition de loi vun deemools huet also schonn eng extraordinär Augmentatioun virgesinn. Et war e bëssen, däerf ech soen, eng Äntwert vum schlechte Gewëssen, fir déi Motioun hei ze stëmme par rapport zu der Oflehnung vun der deemoleger Propositioun, de Mindestloun, esou wéi de Rapporteur elo grad gesot huet, iwwert déi Upassung vun deemools 3,1% an d'Luucht ze setzen.

D'LSAP hat déi Motioun natierlech net vergiess, iwwregens och net d'Regierung. An ech wéilt hei scho soen, dass d'Regierung déi Motioun eescht geholl huet a sech an hiren Texter, an hirem Exposé des motifs an an hirem Rapport eingehend mat den Argumenter befaasst huet. Och wa se zu enger anerer Konklusioun kënnt wéi mir, ass dat awer positiv zréckzebehalen. Mir hunn dofir de 16. Juli 2002, wéi scho gesot, eng nei Proposition de loi erbruecht, déi nieft deenen 3,5% Upassung un d'Lounentwécklung vun de Joren 2000 an 2001 eng extraordinär vun 3,5% virgesäit.

Ech wëll net méi laang kommentéieren awéiwäit mer effektiv d'Décisioun an der Kommissioun hu missen huelen, ouni vun iergendenger Chambre professionnelle en Avis virleien ze hunn, well effektiv de Rapport vun der IGSS méi spéit komm ass. Ech wëll och hei nach eng Kéier soen, dass wann een am Juli d'Proposition de loi vun der LSAP gekuckt hätt, do stoungen déi 3,5% Retard un d'Lounentwécklung vun deenen zwee Joer bis hannert de Komma genau dran. Et hätt een also do scho kënnen, wann een deen...

***(Interruption)***

Jo, ech wëll just soen, dass de Retard vum Joer 2000 du scho festlouch, an dass déi Zuelen, déi mir kritt hunn, schonn am Juli effektiv drop higewisen hunn, dass et op 3,5% géif erausgoen. Dass et da muss dauere bis Enn November, an da ruppderdupp, esou wéi dat jo dës Kéier gaangen ass, ass net onbedéngt gutt, well et wär schonn interessant gewiescht, all Avise virleien ze hunn, ier mer an der Kommissioun wierklech géifen ofgeschloss hätten.

D'LSAP huet also hir Meenung par rapport zum Joer 2000 an dem Fait, dass eng extraordinär Augmentatioun noutwendeg wär, net geännert, an dat aus e puer Grënn:

Eischtens, well déi 3,5% normal Upassung un déi zwee Joren, déi ech genannt hunn, jo a Wierklechkeet vu kengem heibanne contestéiert ginn. Ech hunn am politesche Raum keen héieren, deen dat contestéiert huet. An esouguer wëll ech hei soen, dat kënnt net oft vir, dass ech mech zum Verteideger maache vum Wirtschaftsminister Grethen. Dee Virworf, deen him gemaach ginn ass, dass en a senger Foiresried d'Mindestlounerhéijung a Fro gestallt huet, mengen ech, war net richteg. Wann een e richteg gelies huet, an et wollt een e richteg liesen, dann huet een do scho gemengt, déi extraordinär Augmentatioun wär net betraff.

Ech mengen, dat muss ee soen. Ech mengen, dass dat net richteg war, him virzewerfen, dass se do scho wollten déi gesamt Augmentatioun a Fro stellen. Ech mengen, am politesche Raum - loosse mir dat festhalen - gouf et kee Widdersproch drun, dass mir dat sollte maachen.

Ech denken och dass et heibannen ëmmer manner - hat ech an deene leschte Joren d'Gefill - e Widdersproch gëtt zu der sozialer a gesellschaftlecher Bedeitung vum Mindestloun, an - heiansdo erlieft ee jo nach Wonner an esou Diskussiounen -, och souguer bei enger Institutioun wéi der OECD, déi während Joren och Analysen a Studie publizéiert huet, an a Fro gestallt huet, dass de Mindestloun e Frein wär zu dem Plein emploi, zum Beispill e Frein wär zur Schafung vu méi Aarbechtsplazen, an elo virun der grousser Vakanz eng nei Studie rausginn huet, wou se am Contraire seet, dass de Mindestloun, an och en héije Mindestloun, en Effet stabilisateur op d'Leit huet, dass en d'Leit dozou bréngt, fir ze versichen an den Aarbechtsmaart eran ze kommen amplaz sech vun der Sozialhëllef erhalen ze loossen. Ech mengen och, an deem Sënn gëtt et ëmmer manner Bedenken dozou.

An drëttens si mir der Meenung, dass déi aussergewéinlech Erhéijung vu weideren 3,5% richteg ass. Well schonn eleng de Fait - an ech mengen, Här Aarbechtsminister, do musse mir eis dann eng Kéier drusetzen, dass déi Mindestlounupassungen ëmmer mat engem Retard vun zwee Joer geschéien, läit am System schonn dran. Sou dass, wa mir vun 1991 bis d'Joer 2002 elo géifen eleng de Retard rechnen, deen duerch déi Method entsteet, dee scho mat Sécherheet géif bei 3 oder 4% leien, dat heescht, an ech mengen d'Gewerkschaften hunn lech dat och an Ären Diskussiounen proposéiert, esou wéi ech aus dem Exposé des motifs erausgelies hunn, dass mir eis dann eng Kéier mussen dohinner setzen a kucken, ob mer dann iwwert d'Method, wéi mir de Mindestloun upassen a par ricochet dann och d'Renten an d'Pensiounen, mussen diskutéieren. Mä dat ass dat éischt Argument, wat no zéng Joer géif dofir schwätzen, fir déi extraordinär Augmentatioun ze maachen.

Deen zweete Grond, deen dofir schwätzt ass, dass d'Mindestlounbezéier - a wann Dir lech nach kënnt erënneren un déi Studien, déi d'Chambre des Employés privés virun zwee Joer gemaach huet – „les laissés pour compte" si vun där gudder Produktivitéitsentwécklung, déi mir an deene leschten zéng Joer haten, déi bei ronn 2,5% pro Joer an d'Luucht gaangen ass, dass si „les laissés pour compte" si vun enger Kompetitivitéitsaugmentatioun, vun, an där selwechter Period, ronn 1% plus all Joer.

An dofir si mer der Meenung, dass wann een och si, wéi bei de Steiererliichterunge massiv déi Leit, déi Besserverdénger sinn an och massiv d'Betriber, un deene Wuesstumsraten do wëll profitéieren doen, een dee Geste hei hätt misste maachen. A schlussendlech, a virun allem och, well bei de Steiererliichterunge vun 2000 a vun 2001, besonnesch déi Mindestlounbezéier mat Famill, mat Kanner, eidel ausgaange sinn. Mä dorobber kommen ech herno nach eng Kéier zréck.

A schlussendlech well mir der Meenung sinn, dass déi Zuelen, déi an deene leschte Méint komm sinn, déi gedrosselt Wuesstumsraten déi mir erliewen, weder ekonomesch, nach sozial, nach a punkto op Statsfinanzen eng Légitimatioun an eisen Ae sinn, fir neen ze soen zu enger extraordinärer Augmentatioun. An ech wëll déi Argumenter virun allem nach eng Kéier op de Métier huelen.

Ech géif bal eng Wett maachen, dass um ekonomesche Plang, bis Mëtt Oktober, eng gutt Chance bestanen huet, fir eng extraordinär Augmentatioun vum Mindestloun hei an der Chamber kënnen duerchzesetzen. All Diskussiounen, déi mir bis elo dohinner gefouert hunn - an ech wäert drop zréckkommen -, weisen dass et an eenzelne Parteien a bis an d'Regierung eran Leit gouf, déi gemengt hunn, et kéint een dat maachen, mä déi gedrosselt Wuesstumsrate waren hinnen dann e Virwand, fir ze soen: Neen, mir kënnen dat awer elo net maachen.

Ech hu gesot: Dat war de Fall bei der Foiresried vum Wirtschaftsminister, deen eng Ried gehalen huet, déi éischter eng Austeritéitsried war, déi éischter eng Ried war, fir ze soen: Mir brauchen elo Modérations salariales. En huet och nach gesot: Modérations écologiques, mä ech mengen, dat ass dann eng aner Diskussioun, déi op engem anere Plang muss gefouert ginn.

An d'Patronat huet natierlech och vun deenen neien Zuele profitéiert, fir den Drock net nëmmen op eng extraordinär, déi se souwisou vu virera refuséiert hunn, mä och den Drock op iwwerhaapt d'Upassung vum Mindestloun ze erhéijen.

Et muss een also haut feststellen, dass wann een déi zwee Méint kuckt, déi mir elo erlieft hunn, d'Mindestlounbezéier a Wierklechkeet déi éischten Affer si vun deem, wat mer an deene leschten zwee Méint un neien Zuele kritt hunn. An dat ass aus dräi Grënn, an eisen Aen, inakzeptabel.

Éischtens, et bleift eng Tatsaach, déi vu kengem kann dementéiert ginn, dass d'Loun-, a besonnesch och d'Lounniewekäschten, am europäesche Vergläich, hei zu Lëtzebuerg weiderhi ganz gënsteg sinn. D'Aarbechtskäschten, a virun allem d'Lounniewekäschten, waren ni e Standortnodeel hei zu Lëtzebuerg. Wann dat de Fall gewiescht wär, an deene leschten zéng Joer, dann hätte mer net dee Boom um Niveau vun der Schafung vun neien Aarbechtsplazen erlieft. Dann hätte mir net e Rekord vun Emploi, wéi mir en haut hunn, wann dat een Argument wär.

Mir wëssen, dass et ganz aner Argumenter gëtt, déi d'Patronen an d'Betriber dofir interesséieren, hei zu Lëtzebuerg ze investéieren. Dat sinn zum Beispill vläicht eng Bürokratie, déi manner entwéckelt ass wéi an anere Länner, d'Tatsaach, dass ee schnell Décisioune ka kréie vun de politeschen Décideuren, d'Tatsaach, dass mir och elo e fiskaalt Ëmfeld hunn, wat ganz kompetitiv ass par rapport zu deenen anere Länner. Mä et soll kee mer heibanne soen, dass de Coût salarial, a virun allem d'Lounniewekäschten, dass dat e Frein wär, fir hei zu Lëtzebuerg ze investéieren; dat war et ni an deene leschten zéng Joer an ass et och net am Moment.

Zweetens. D'Zuele vun der IGSS, déi scho genannt gi sinn, ginn Opschloss, a wat fir enge Secteuren dann d'Mindestlounbezéier hei zu Lëtzebuerg schaffen. An do ass et evident, wat een och esou weess, mä wat een och mat den Zuele bewise kritt, dass ëm déi 50% eleng an dem Commerce, an der Restauratioun an an der Hôtellerie schaffen. Dovunner iwwregens och e ganz héijen Undeel vu Fraen. Och erëm eng Kéier iwwert d'Halschent vun de Fraen, déi betraff sinn, si Mindestlounbezéier, wat iwwregens och heiansdo e Grond ass, firwat dass d'Begeeschterung net esou grouss ass, fir de Mindestloun ze augmentéieren. An niewebäi bemierkt, loosst mech dat och soen, ginn ech jo an deene leschte Joren ni d'Gefill lass, dass d'Tatsaach, dass bei de Mindestlounbezéier och e ganz grouss en, en héijen Undeel vun Ausländer ass, och dozou féiert. An da behaapten ech, dass am politesche Raum d'Begeeschterung, fir méi ze maache beim Mindestloun, net onbedéngt ganz grouss entwéckelt ass.

Wann ee weess a wat fir enge Secteuren déi Leit schaffen, ass jo dann d'Fro ze kucken: Mä sinn et déi Secteuren, déi vun der wirtschaftlecher Flaut, oder dem wirtschaftleche Réckgang, och méi betraff sinn? An de Statec gëtt Opschloss driwwer, dass dat net de Fall ass. Am éischten Trimester 2002 erlieft de Commerce „en gros" an „en détail", ech zitéieren de Statec: „une activité intense" mat Wuesstumsrate vu plus 6,7% a plus 5,7% vum Chiffre d'affaires. Am Horecaberäich erlieft de Secteur, ech zitéieren de Statec: „une forte expansion" mat am éischten Trimester 2002 - lauschtert gutt no - enger Augmentatioun vum Chiffre d'affaires vu plus 11%.

Am Kloertext also: Déi Secteuren, déi manifest a massiv betraff si vun deem Coût, deen also hei augmentéiert géif ginn, si bei Leiwen net déi, déi am Moment ënnert där Situatioun, ënnert deenen neien Zuelen, déi mir kennen, ze leiden hunn, an et ass also net richteg, si zum Virwand ze huelen, fir en Nee géint eng extraordinär Augmentatioun auszeschwätzen.

D'Salariéen hunn och alleguer d'Recht - an dat ass en Zitat wat ech elo hunn -, fir un dëser Wirtschaftsleeschtung Deel ze huelen, an dovun an engem gerechte Mooss ze profitéieren. „Wou e Recht huet huet e Recht". Den CSV-Kolleeg Nico Loes huet dat Zitat do den 21. Dezember 2000 hei an der Chamber, am Rahme vun der deemoleger Mindestloundebatt, gesot. Jo, Här Loes, déi Salariéen och an deene Secteuren do, déi „les laissés pour compte" si vun der Entwécklung, vun deene leschten zéng Joer, hunn e Recht, an engem gerechte Mooss un där Wirtschaftsleeschtung, déi an deem Secteur och am Moment amgaang ass gefuer ze ginn, bedeelegt ze ginn. A mir hunn och dofir an eisem 21-Punkte-Programm fir eng Standortoffensiv plädéiert, wou mer eng ganz Rei vu Virschléi gemaach hunn, déi d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie kënne verbesseren, déi och virun allem Kleng- a Mëttelindustrien et géifen erlaben, dass verschidde Saachen, iwwert déi mer - an den Här Krecké huet dat gëschter hei iwwerzeegend gesot - eis heibannen alleguerten eens sinn, an déi och an deene leschten dräi, an dräi an en halwe Joer leie bliwwe sinn, awer endlech sollte geschéien. Mir hunn an eisem Programm gesot, dass mer e kloert Bekenntnis maachen zur sozialer Kohesioun hei am Land, dass mer e kloert Bekenntnis maachen, dass eng gerecht kontinuéierlech Lounpolitik richteg ass, well et hei zu Lëtzebuerg ni e Standuertnodeel war.

Mä trotzdeem si mer der Meenung, dass een de Wirtschaftssituatioune soll Rechnung droen, an dass ee virun allem och dem psychologeschen Effet vun Décisiounen, déi ee kann huelen, soll gerecht ginn. An dofir wëll ech an engem Amendement, deen ech wëll deponéieren zu deem Gesetz hei, och proposéieren, dass mer déi 3,5% extraordinär Augmentatioun solle maachen, déi mir proposéiert hunn, fir ze weisen, dass mer op déi Argumenter aginn, déi d'Regierung eis dohinner geluegt huet, déi aus der Tripartite erauskomm sinn, déi 3,5% opzesplécken, a se an zwou Etappen ze realiséieren, engersäits 1,7% den 1. Januar 2003, an nach eng Kéier 1,7% den 1. Januar 2005, fir dann déi Laascht, déi doraus entseet, op méi Joren ze verdeelen, an domadder virun allem de psychologeschen Effet ze erreechen an der Ekonomie, a virun allem de klengen a mëttleren Entreprisen a Geschäfter ze soen, dass mer bereet sinn, deenen Argumenter Rechnung ze droen an an der Ëmsetzung och dann deen Effet do ze erreechen.

***Amendement 1***

*L'article unique du projet de loi 5053 modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum est modifié comme suit:*

*„L'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum prend la teneur suivante:*

*Article 14.- Sous réserve, s'il y a lieu, des adaptations prévues à l'article 3 qui précède, le taux mensuel du salaire social minimum d'un travailleur non qualifié rémunéré au mois est fixé à partir du 1er janvier 2003 à deux cent vingt-neuf Euro et soixante-quinze Cents (229,75 Euro) au nombre 100 de l'indice pondéré du coût de la vie au 1er janvier 1948. A partir du 1er janvier 2005, le taux mensuel du salaire social minimum s'élève à deux cent trente-trois Euro et soixante-six Cents (233,66 Euro) au nombre indice 100 de l'indice pondéré du coût de la vie au 1er janvier 1948.*

*Le taux horaire correspondant au taux mensuel prévu à l'alinéa qui précède est obtenu par division de ce taux mensuel par cent soixante-treize."*

*(s.) Lucien Lux, Mady Delvaux-Stehres, Jeannot Krecké, Georges Wohlfart, Marc Zanussi.*

An der drëtter Argumentatioun muss ech soen, dass d'Regierung als Reaktioun op déi neiste Wuesstumsrate mat zwee Mënner schwätzt. An ech wëll mech erklären. Ech hu scho gesot, de Wirtschaftsminister huet a senger Foiresried éischter en Discours an e Message vun Austeritéit a vu Modération salariale gehalen. De Statsminister Juncker huet an enger ganzer Rei vun Interventiounen, Interviewer, Rieden, och hei am Haus, als Äntwert op déi nei Wuesstumsrate just de Géigendeel gesot a gemengt, mir missten am Prinzip eng Relance maache „par la consommation intérieure". Dat heescht, mir sollten also weider versichen d'Kafkraaft ze steigeren, fir iwwer eng gesteigert Kafkraaft de Wuesstum unzekuerbelen, an doduerch eng antizyklesch Politik ze maachen an deem Moment wou de Wuesstum géif zréckgoen.

Wann déi antizyklesch geduechten Ukuerbelung vum Konsum Regierungspolitik ass, da gi mer emol dovun aus, de Statsminister priméiert de Wirtschaftsminister, dass dat déi offiziell Politik ass. Wann also den dauernden Hiweis gemaach gëtt op d'Richtegkeet vun de Steiererliichterungen, déi mer an deene leschten zwee Joer gemaach hunn, op d'Richtegkeet vun der jo bal massiver Erofsetzung vum Spëtzesteiersaz an deene leschte Joren, op den Accord salarial an der Fonction publique, an esou weider, an esou fort, da wär et just richteg eng ausserge-



wéinlech Augmentatioun vum Mindestloun ze maachen, well dat dann hoergenee déi richteg Äntwert wär, well, an och doriwwer si mer eis heibannen eens, beim Mindestloun 3,5% ze augmentéieren, heescht praktesch integral 3,5% Augmentatioun direkt an de Konsum eranzebréngen. Well dat si Leit, déi mat Sécherheet net d'Méiglechkeet hunn, déi 3,5% nach op d'Bank ze setzen. Déi fuere mat deenen 3,5% méi och net fir d'zweet oder fir d'drëtt an d'Vakanz an d'Ausland. Mä dat si Leit, déi d'Moyenen dofir net hunn, an déi 3,5% och direkt an de Konsum ginn. An e groussen Deel vun deem Konsum stäerkt och manifestement déi sougenannte Binnennachfrage, héchstens nach d'Nofro bis op Tréier. Mä op jidde Fall wäert dat der Ekonomie, an hätt dat der Ekonomie direkt e Bonus kënne ginn.

Ech wëll mat all deenen Argumenter soen, dass déi wirtschaftlech Argumenter a Wierklechkeet e Virwand sinn, an ebe just d'Mindestlounbezéier, also déi Klengst vun deene Klengen an der Hierarchie vun de Léin a Gehälter hei zu Lëtzebuerg, déi sinn, déi hei als Virwand geholl ginn. An ech wëll och nach eng Kéier soen, dass de Coût salarial ni an nimmer e Standuertnodeel hei zu Lëtzebuerg war, an och am Moment net ass.

Mir hunn eis, an erlaabt mer dat ze soen, hei och am politesche Raum méi liicht gedoen a mir hu manner doriwwer ze streide gehat, wéi mer de Spëtzesteiersaz vun iwwer 50% an enger Rekordzäit op 38% erofgeholl hunn, wéi dass mer de Mindestloun versichen, eleng aus deene methodologesche Problemer, déi et gëtt, och gerecht an d'Luucht ze setzen.

D'Regierung huet den 13. September 2002, an dat ass am Communiqué vun der Regierung nozeliesen, décidéiert, d'Proposition de loi Lux vun der LSAP am Rahme vun de Gespréicher mat de Sozialpartner ze analyséieren an anzebréngen. Et war also nach net esou, Här Aarbechtsminister, esou kann ech dat emol unhuelen, dass den 13. September 2002 d'Regierung nach net décidéiert hat, fir zu där Propositiion de loi neen ze soen. Soss hätt se an hirem Communiqué jo kënne schreiwen: Mir lehnen déi of. An därselwechter Sëtzung, bei deem Punkt virdrun, ass zum Beispill meng Proposition de loi iwwert de Mobbing ofgelehnt gi vum Regierungsrot. Mä beim Mindestloun ass gesot ginn: Mir huelen déi Proposition de loi mat an déi Diskussiounen, déi mer mat de Sozialpartner doriwwer féieren. Ech ginn also dovunner aus, dass dat nach net d'Attitude war fir definitiv dozou neen ze soen.

M. le Président.- Här Lux, den Här Minister wëllt lech eng Fro stellen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Hien huet gesot, dass mer géife Gespréicher ophuele mam Patronat fir eng fräiwëlleg Augmentatioun iwwert dat geschëltent Unhiewe vum Mindestloun eraus. Dat hate mir effektiv décidéiert. An an engems hu mer och Ufanks September an där Reunioun décidéiert an der Regierung, dass eng Partie Verwaltungen eis géife Berechnungen ustellen iwwert déi verschidden Auswierkunge vum Mindestloun, soit op d'Wirtschaft, soit op d'Steieren, déi mer och am Exposé des motifs erëm verschaffen.

M. Lucien Lux *(LSAP), auteur.*- Här Minister, ech muss soen, dass ech selten an deene leschte Joren esou eng courageiert Attitude bei enger Regierung, egal wat fir enger Natur, fonnt hunn, wéi déi doten, effektiv an d'Verhandlunge mat de Sozialpartner ze goen, an effektiv bei d'Patronen ze goen an ze soen : Mir d'Regierung, mir sinn d'accord mat enger extraordinärer Augmentatioun vum Mindestloun, wann Dir fräiwëlleg domadder d'accord sidd. Dat ass, muss ech soen, fir den Held vun Dublin, wéi e jo heiansdo genannt gëtt, zwar wierklech e risege Courage gewiescht, fir mat esou enger Attitude eranzegoen, wann ee weess, dass d'Patronen esouguer géint déi normal Upassung un d'Lounentwécklung sinn, wann ee weess, dass d'Patrone beim Avis, dee se 2000 geschriwwen hunn, esouguer de Mindestloun als Prinzip an als Instrument a Fro gestallt hunn. Deenen also ze soen, wann Dir fräiwëlleg bereet sidd de Mindestloun nach méi ze augmentéieren, da si mir och domadder d'accord, do kann ech nëmme soen: Bravo fir esou vill Sarkasmus, a bravo fir esou vill Voluntarismus an esou vill Courage vun der Regierung, fir an déi Richtung ze goen.

An da stellt sech jo d'Fro: Wéi ass et schlussendlech mat de finanzpoliteschen Argumenter wat de Lëtzebuerger Stat ubelaangt, deen also konfrontéiert wär mam Coût vun enger extraordinärer Augmentatioun. Ech hunn zwee- an dräimol gelies, wéi ech de 26. November 2002, dat ass nach net laang hier, de Fraktiounspresident vun der CSV, de Kolleeg Lucien Weiler, gelies hunn an der Zeitung, dass hie gesot huet, an ech zitéieren d'Tageblatt, mä et stoung och an deenen aneren Zeitungen, esou: „Allein die von den Sozialisten geforderte Anhebung des Mindestlohnes über die vorgesehenen 3,5% hinaus würde eine Mehrbelastung von 15 Millionen Euro bedeuten". Ech hunn an deene leschten Deeg versicht och an der CSV-Fraktioun Zuelen ze kréien, déi déi 15 Milliounen Euro do géifen argumentéieren. Et ass mer bis haut de Moien net gelongen de Bewäis ze kréie fir déi Zuelen, well et effektiv esou ass: Déi Zuel do ass wierklech reng erfonnt an ass effektiv a kengem Mooss ze beweisen.

Wann ee weess, dass am Exposé des motifs vun der Regierung selwer steet, dass ugeholl gëtt, dass eng Augmentatioun vun 3,5% fir d'Ekonomie, déi jo de gréissten Deel vun der Laascht ze droen huet, well déi bezillt jo d'Paien, eng Augmentatioun vun 2 Milliounen Euro géif bedeiten,…

***(Interruption)***

Dir hutt jo d'Geleeënheet herno nach doropper anzegoen. Ech soen lech och herno, wéi ech dat gerechent hunn. Mir héieren also de Moien, dass am Exposé des motifs Saachen einfach esou «Pi mal Schnauze» gerechent ginn. Mä loosse mer emol dovun ausgoen, dass dat doten...

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här Lux, et gëtt keng wëssenschaftlech Berechnung.

M. Lucien Lux *(LSAP), auteur*.- Ech weess dat.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech hunn d'Zuel vun de Mindestlounbezéier geholl, an ech hunn 3,5%, plus de Mëttelwäert vun de Sozialaaschte geholl an dat multiplizéiert. An da kommen ech op deen dote Wäert.

M. Lucien Lux *(LSAP), auteur*.- Ech wëll just soen, Här Minister, dass wann een dovunner ausgeet, dass et fir d'Ekonomie dobaussen och nach zwou oder dräi Milliounen Euro wären, a wann een dovunner ausgeet, dass et fir de Fonds pour l'Emploi, wéi de Rapporteur et hei gesot huet, annerhallef Millioun Euro bedeit, sinn a bleiwen nach ëmmer 15 Milliounen Euro eleng fir de Stat, net fir d'Ekonomie. Eng Zuel, déi fräi erfonnt ass, an och mat kengen Zuele ka bewise ginn. An dat Eenzegt, wat ech hoffen, vu dass den Här Weiler nach aner Saachen, déi d'LSAP proposéiert huet, do kalkuléiert hat, ass, dass seng aner Zuelen e bëssche méi seriö sinn, well soss sinn déi Zuelen, op déi hien erauskënnt, wierklech farfelu.

An da stellt sech jo och d'Fro, an dat ass och gëschter nach eng Kéier hei diskutéiert ginn, ënner anerem och vum Kolleeg Weiler, vun der Selektivitéit. Wéi kënne mer een Transfert social maache par rapport zu deene Leit, dee méi gerecht ass?

Den Aarbechtsminister, mengen ech, wann ech mech kann erënneren, war deemools Budgetsrapporteur, wéi déi sougenannten RWI-Studie hei diskutéiert ginn ass. Vu Studie zu Studie kréie mer effektiv gesot, dass mer méi eng gerecht Verdeelung misste maachen, awer mir zéien ni Konklusiounen draus. Dat war iwwregens och an der fréierer Regierung esou. D'RWI-Studie ass hei diskutéiert ginn. Si huet eis eng Rei vu Saache gesot, mä mir maache se awer net. Mir hunn elo eng nei Studie gemaach, wou ech iwwregens frou wär ze héieren, wou déi Studie dann endlech drun ass, well se jo fäerdeg ass an dem Regierungsrot virläit, fir dass mer déi och hei kënnen diskutéieren a kucken, wat fir eng Konsequenze mer dorausser zéien.

Ech wëll och nach eng Kéier eppes zu de sozialpoliteschen Argumenter soen. Beim Rapport vum Kolleeg Marcel Glesener ass dat ganz cocasse: Gëtt et eng Relatioun tëschent dem Mindestloun an de Steiererliichterungen? Do gëtt vun engem Kapitel zum aneren eng aner Thees vertratt. An deem enge Kapitel zielt den Här Glesener dat op, wat en och hei gemaach huet, fir ze soen, bei deenen, déi an der Steierklass 1A an 2 sinn, well déi nach Steiere bezuelt hu virdrun, wann een do d'Steiererliichterungen an d'Mindestlounerhéijung zesummerechent, da kënnt een op 6,9% Augmentatioun. Dann ass een also bal bei deene 7%, déi d'LSAP gefuerdert huet.

Fir dat ze argumentéieren, do gëtt et eng Relatioun tëschent de Steiererliichterungen an dem Mindestloun. A wann een da bei Familje kënnt, wou dat doten Argument net méi opgeet, well déi Familje scho virdru keng Steiere méi bezuelt hunn, da seet de Rapport: Mä a Wierklechkeet gëtt et iwwerhaapt keng Relatioun tëschent de Steiererliichterungen an dem Mindestloun. Ech mengen, dass dat net ganz kohärent ass, wann een net zur Kenntnis hëlt, dass et Tatsaach ass a bleift, dass d'Kafkraaft vun deenen, déi Steiere bezuelt hunn, a besonnesch bei deenen, déi vill Steiere bezuelt hunn, duerch d'Steiererliichterungen ëm e Villfacht par rapport zu deene Klengstverdénger, déi keng Steiere bezuelt hunn, an d'Luucht gaangen ass.

Dat ass dann, wann een et sarkastesch an zynesch géif ausdrécken, eng selektiv Politik zu Gonschte vun de Besserverdénger, déi mer da gemaach hunn, wa mer de Kumul maache vun de Steiererliichterungen an der Augmentatioun, déi mer hei maachen.

An dat spiere jo och d'Organisatiounen um Terrain. Et brauch ee jo och nëmmen d'Etüden an d'Analysen, zum Beispill vun der Caritas ze huelen, déi eng Augmentatioun vun der Aarmutt hei zu Lëtzebuerg feststellt. Et brauch ee jo nëmmen d'Caritas an anerer ze liesen, fir eraus ze fannen, wat dat um Terrain a Wierklechkeet bedeit. De Klaus Schneider - mat deem sech Membere vum Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg, den Här Helminger, den Här Wiseler an anerer, nach viru Kuerzem op enger Foto bei der Virstellung vum Projet vun der Schläifmille gewisen hunn -, deen um Terrain schafft an deen also genau weess, wat och do wierklech existéiert, deen huet den 12. August 2002 een Interview am Quotidien ginn, an op déi enorm Risiken, besonnesch fir d'Familljen, déi Mindestlounbezéier sinn, higewisen, en tenant compte vu Schoul-, Familljen-, Wunn- a Gesondheetskäschten, déi an d'Luucht ginn. E seet an de Schlussfolgerunge vun deem Interview: „Tout cela pour dire que le salaire social minimum est insuffisant pour vivre, alors que 35.000 personnes le touchent au Luxembourg. Le Gouvernement envisage de l'augmenter de 3,5%. L'opposition socialiste de 7%. Il ne m'appartient pas de prendre position, mais il semble clair que l'augmentation devra dépasser les 3,5%". Dat seet also e Mann, deen um Terrain d'Realitéite kennt, vill besser wéi mir se heiansdo aus eisen theoreteschen Iwwerleeungen, déi mer hei maachen, kënne kennen.

An dann ee Wuert zu de Gewerkschaften, besonnesch un d'Adress vum Rapporteur Marcel Glesener. Ech wëll fir d'éischt soen, dass d'Gewerkschaften, an dofir gëtt et gutt Grënn, sech an deene leschte Joren ëmmer schwéier gedoen hunn, fir mat enger extraordinärer Augmentatioun vum Mindestloun d'accord ze sinn, an dat aus engem ganz einfache Grond. D'Gewerkschaften hunn ee ganz legitimen a verständlechen Intérêt, fir dass d'Lounpolitik virun allem um Niveau vun de Kollektivverträg gemaach gëtt. Do kënnen d'Gewerkschaften eppes maache fir déi Leit, déi bei hinne cotiséieren, an dofir ass et evident, dass et do eng gewësse Retenue, eng gewësse Skepsis gëtt, fir iwwert dee Wee ze goen, well een hinnen do de Sputt ewechhëlt, fir déi Leit eppes ze maachen. Do hu mer also all Verständnis dofir.

Ech wëll dofir awer soen, Här Glesener: Et ass déi éischte Kéier, wou ech hei an der Chamber sinn an u Mindestloundebatten deelhuelen, et ass déi éischte Kéier gewiescht, dass esouwuel an enger Entrevue mam OGB-L, wéi an enger Entrevue mam LCGB, d'LSAP virun der grousser Vakanz gesot kritt huet, mir sinn dës Kéier d'accord, dass d'Mindestlounerhéijung muss iwwert déi 3,5% Upassung erausgoen, an zwar aus engem ganz einfache Grond: Well mer definitiv eng Kéier musse feststellen, dass déi Leit, déi Mindestlounbezéier sinn, Leit sinn, déi net vu Kollektivverträg ofgedeckt sinn. Hei kënnen d'Gewerkschafte scho laang net méi eppes fir déi Leit maachen a fir déi méi eraushuelen, well do keng Kollektivverträg sinn. Praktesch, wann een dat richteg géing huelen, de Kollektivvertragspartner vun deene Leit ass de Gesetzgeber, deen dann iwwert de Wee vun deem Gesetz all zwee Joer versicht, eppes méi fir si erauszehuelen, well d'Gewerkschaften dat eben net fäerdeg bréngen. An, ech mengen, dofir hunn d'Gewerschaften hir Attitude opgehalen, an ech wëll an esou ee Sträit guer net erantrieden.

Ech hu mer vun engem Gewerkschaftspresident, deen Der wuel kennt, soe gelooss, dass d'Behaaptung, déi heiansdo colportéiert ginn ass, och an dësem Raum, net richteg ass, dass d'Gewerkschaften net an der zweeter Tripartitesëtzung nach eng Kéier kloer an däitlech Positioun geholl hu fir eng extraordinär Augmentatioun. Ech hunn et praktesch gesot kritt, fir hei ze dementéieren, dass deem esou ass.

A wann Dir den Exposé des motifs, Här Glesener, eng Kéier ganz kloer géingt huelen, da geséicht Dir, dass d'Gewerkschaften dräi Grënn virdroen, fir eng extraordinär Augmentatioun ze maachen. Éischtens soe se, dass et richteg ass, dass am Joer 2000 an 2001 de Coût salarial méi héich war wéi d'Produktivitéit. Mä si soen hannendru ganz däitlech: „Mais tout au long de la deuxième moitié des années 90 c'était exactement le contraire, comme le salaire social minimum est toujours adapté avec retard. C'est clair qu'il est en porte-à-faux, mais alors il faudrait changer le système". Ech mengen, dorobber hunn ech virdru schonn e puer Saache gesot.

Zweetens soe se och nach eng Kéier: „Le syndicat souligne à cet égard que pour mesurer l'impact micro-économique du relèvement sur le salaire social minimum, il faudrait pouvoir analyser également l'évolution des bénéfices dans chaque entreprise, ce qui serait impossible en l'absence actuelle de centrale des bilans". A si soe weider: „Il serait psychologiquement un mauvais signal de n'adapter le salaire social minimum que de 3,5%".

Et ass also net richteg de Gewerkschafte praktesch virzegeheien, si hätten do net bis zum Schluss weider hir Aarbecht gemaach. Esouwuel an deene bilateralen Diskussioune mam Aarbechtsminister iwwer de Mindestloun, wéi an der Tripartite, wéi och a Communiquéen a Stellungnahmen, ass kloer gesot ginn, dass eréischt um Schluss vun der Tripartite d'Gewerkschafte gesot hunn, mir hunn dee Virstouss vun de Patronen, déi Mindestlounupassung 3,5% iwwerhaapt a Fro ze stellen, ofgewiert, ass eppes aneschtes, wéi festzestellen, dass d'Gewerkschaften dat alles op Franséisch, op Däitsch an a Rieden - nozekucken an ze liesen -, dës Kéier der Meenung waren, et soll een iwwert dee Wee goen.

Fir ze weisen, wéi relativ all déi Diskussioune sinn a wéi theoretesch, hat ech scho virun zwee Joer mir Zäit geholl, fir eng Kéier an engem praktesche Beispill nozevollzéien, wat dann d'Liewe vun engem Mindestlounbezéier hei zu Lëtzebuerg esou ausmécht. An ech hunn dofir zesumme mam Office social an eiser Gemeng e praktescht Beispill geholl, wat et reell gëtt, a wat ech lech och herno roueg, fir deen, deen et wëllt, am Detail kann novollzéien. Fir also ze kucken, wat d'konkret Situatioun, déi sozial Situatioun ass vun engem, deen eng Famill huet a fir de Mindestloun schaffe geet - 40 Stonnen -, dat ass eng normal Situatioun.

Zwee Kanner, déi gebuer sinn 1992 an 1996. Dee Mann verdéngt 1.173,02 Euro. De Mindestloun also. Hien huet 409,28 Euro Kannergeld a kritt e Complément RMG - hie muss also den RMG froe goen - vu 739,89 Euro. Dat mécht en Total vun 2.321,82 Euro. Hien huet ee Loyer vun 810 Euro, mat zwou Schlofkummere fir véier Persounen, Chargë vun 150 Euro, Elektresch fir 105 Euro, Telefon 35 Euro. Ech rechnen d'lesse mat ongeféier 450 Euro. Bensin, well en den Auto brauch, fir schaffen ze goen, fir ongeféier 100 Euro. En huet nach e Prêt zréckzebezuele vu 400 Euro. Dat mécht een Total un Ausgabe vun 2.050 Euro. Et bleiwe schlussendlech, en tenant compte dass Kleeder, Gesondheet, Schoul an alles do net dran ass, fir déi Famill vu véier Leit 300 Euro de Mount, fir ze liewen.

Dat ass also d'Praxis par rapport zu deem, wat mir theoretesch diskutéieren. Ech wollt virun allem dat Beispill och soe fir kloer ze maachen, dass all déi theoretesch Rieden, déi mir halen, fir ze soen, de Mindestloun ass am Prinzip dat, wat den Arbeitgeber him fir eng Leeschtung gëtt, fir kënnen dezent ze liewen, dass dat net méi stëmmt, well déi do Famill brauch haut schonn 739 Euro RMG, fir iwwerhaapt iwwert d'Ronnen ze kommen.

Wa mir also den RMG géingen ewech huele fir e Mindestloun, deen am Prinzip misst duergoe fir kënnen ze liewen, da wär deen doten an där Statistik vun der Caritas, vun deene wou d'Caritas eis Joer fir Joer seet, dass eleng de Fait Kanner ze hunn en Aarmuttsrisiko zu Lëtzebuerg ass, och wann ee schaffe geet, och wann een de Mindestloun kritt an esou virun, an dann ofrutscht an déi Situatioun, déi mer kennen.

Dat relativéiert, denken ech, méi wéi vill Rieden, déi mer hei halen, déi Diskussiounen, déi mer féieren iwwert de Mindestloun, iwwert d'Héicht vum Mindestloun, iwwert d'Relatioun tëschent Mindestloun an RMG, iwwert d'Relatioun tëschent Mindestloun a Steiererliichterungen an esou weider.

Ech muss soen, an der Konklusioun, och wa mer dobaussen déi haart Realitéite vun der wirtschaftlecher Entwécklung kennen an duerfir och proposéiere fir déi Mindestlounerhéijung extraordinär an zwou Etappen ze maachen, fir deem Rechnung ze droen, bleiwe mer der Meenung, dass et richteg ass an déi Richtung ze goen. Virun allem och wann ee gesäit, wann ech dee Puzzle fäerdeg maachen, dass allègrement am öffentlechen Transport d'Tariffer ëm 10% an d'Luucht gesat ginn, dass, wéi ech gelies hunn am Procès-verbal vun där Kommissioun, déi sech ëm d'Loyere këmmert, diskutéiert gëtt iwwert eng eventuell Verschlechterung vum Mietgesetz, déi virun allem déi do Leit géing treffen: Alles dat mécht e Puzzle vun enger Politik, déi an eisen Aen ongerecht ass an déi net déi Selektivitéit huet, vun där mer och gëschter an d'lescht Woch ëmmer zwar hei grouss Rieden halen, déi Selektivitéit fir ebe just an enger Situatioun, wou mer haut sinn, virun allem deene Leit, deene Familljen ze hëllefen, déi et am décksten néideg hätten. Jiddefalls eise Virschlag géif deem gerecht ginn.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Nico Loes** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no der Présentatioun vum Rapport vum honorablen Här Marcel Glesener a vun der Proposition de loi vum Kolleeg Lucien Lux, mengen ech, bleift net méi alles ze soen, vu datt d'Riedner jo an all Detail agaange sinn. Ech géif hinnen dann och merci soe fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport, dee ganz explizit war.

Als zweete Riedner vun eiser Fraktioun wollt ech nach just e puer Bemierkungen zu der gesetzlecher Erhéijung vum Mindestloun maachen. Wann d'Upassung vum Mindestloun un d'Entwécklung vun de Salairë regelméisseg zréckkënnt a sech scho bal zu enger legislativer Traditioun hei entwéckelt huet, sou bleift awer ze soen, datt net all Upassung sech gläicht an datt virun allem déi virleiend Adaptatioun, déi den 1. Januar 2003 a Kraaft triede wäert, sech vun den Upassunge vun de leschte Joren ënnerscheet.

D'Upassung vum Mindestloun geschitt dës Kéier am Kader vun enger méi schlechter ekonomescher Konjunktur, wat net de Fall war bei där leschter Upassung am Joer 2000, wou eis Wirtschaft nach geboomt huet. Dëst verleet verschiddener, un éischter Linn d'Patronat, déi proposéiert Upassungen ze kritiséieren. Fir gewësse Kreeser sollt een op esou eng Moossnam, déi géint de Prinzip vun enger moderater Gehaltspolitik verstéisst, verzichten. Et ass an hiren Ae falsch, de Mindestloun ze erhéijen, grad elo, wou déi wirtschaftlech Situatioun net méi esou roseg ass.

Ech wollt dozou e puer Wuert soen. Éischtens däerf een net vergiessen, datt d'Finalitéit vun enger regelméisseger Upassung vum Mindestloun dora besteet, dem Mindestlounempfänger ze erlaben, och vum ekonomesche Wuesstum a vun deenen domat verbonnene Léin a Gehälter, déi de Progressioune vun deene leschten zwee Joer Rechnung droen, kënnen ze profitéieren. Et kann net sinn, datt een Deel vun de Salariéen, déi zum Wuesstum vun eiser Wirtschaft am Joer 2000 an 2001 bäigedroen hunn, net däerften un dëser Leeschtung deelhuelen. D'Upassung vum Mindestloun ass de Beweis vun der Existenz vu soziale Grondwäerter an eiser Gesellschaft. Mir kënnen net einfach esou vun dëse Wäerter ofrécken.

D'Konsequenze vun engem niddregen oder inexistente Wuesstum sollen net eleng vun de Mindestlounbezéier gedroe ginn. Dat géif awer geschéien, wa mer elo op eng Upassung verzichte géifen.

Zweetens, d'Etüde vum Statec weisen dorop hin, datt eng Upassung vun 3,5% vum Mindestloun op makroekonomeschem Niveau esou gutt wéi keng Konsequenzen huet. Et kënnt net zu enger spektakulärer allgemeiner Erhéijung vun de Gehälter, d'Léin wäerten am Ganzen op ongeféier 0,21% eropgoen, wat akzeptabel ass. De Mindestloun hänkt vum Duerchschnëttsloun of, an net ëmgedréint.

D'Experienze weisen och, datt dee mikroekonomeschen Impakt vun engem Ajustement vum Mindestloun relativ kleng ass, am Géigendeel zu deem, wat emol geleeëntlech behaapt gëtt. Et brauch ee sech just op déi lescht Ajustementer ze bezéie fir festzestellen, datt keng Upassung vum Mindestloun zu engem Ofbau vun net qualifizéierten Aarbechtsplaze gefouert huet. Et kann een och kee gréisseren Drock um Niveau vun den Aarbechtsdemandë feststellen.

D'Erhéijung vum Mindestloun huet och kee bedäitenden Afloss um Niveau vun der Konkurrenz tëscht de Betriber, stellt de Statec fest. Et muss een awer och hei soen, datt d'Erhéijung vum Mindestloun och d'Inflatioun ukuerbelt. De proposéierten Ajustement entsprécht dem Prinzip vun enger moderater Lounpolitik. Och wann dës Kéier d'Entwécklung vum Mindestloun der Progressioun vun der Produktivitéit viraus ass. Et däerf een net vergiessen, datt während dem leschte Jorzéngt d'Progressioun vum Mindestloun wäit hannert der Entwécklung vun der Produktivitéit louch.

Et geet och aus de Statistiken ervir, an de Marcel Glesener als Rapporteur, an och de Lucien Lux, hunn dodrop higewisen, datt, wann d'Zuel vun de Mindestlounempfänger nominativ eropgeet, wat beim Wuesstum vun de Beschäftegungszuelen normal ass, dës Zuel awer proportional, säit 1998, stänneg erofgeet. D'Zuel vun de Salariéen, déi nom Mindestloun bezuelt ginn, läit dëst Joer bei ongeféier 37.000. Dat maache 15,1% vun den Aarbechter a Privatbeamten hei am Land aus. Am Joer 2000 waren dat nach 16,2%. Dës Feststellungen erlaben et verschidde Kritiken ze relativéieren, déi am Ajustement vum Mindestloun d'Gefor vun enger eventueller Progressioun no uewe vun der Zuel vun de Mindestlounempfänger gesinn.

Iwwer all dës Iwwerleeungen eraus däerf een awer net vergiessen, wéi de Rapporteur schonn ënnerstrach huet, datt de virleienden Ajustement vum Mindestloun och zum Deel dozou bäidroe wäert, eis Wirtschaft nei unzekuerbelen. D'Mindestlounempfänger, déi opgrond vun enger Erhéijung vun hire Gehälter méi Suen zur Verfügung hunn, hunn éischter d'Tendenz dës Suen auszeginn, wéi se ze spueren. D'Wirtschaft, an domat d'Betriber, profitéieren domat och indirekt vun der Erhéijung vum Mindestloun, an och de Rapporteur huet dat ënnerstrach.

Wat d'Proposition de loi vum Här Lux ugeet, déi eng Erhéijung vum Mindestloun vu 7% ab dem 1. Januar 2003 virgesäit, muss ech awer soen, datt ech mat der Begrënnung vum Här Lux net averstane sinn. An ech mengen, dat hunn och d'Diskussioune bei eis an der Kommissioun erginn. Nom Här Lux wieren d'Friichte vun der wirtschaftlecher Entwécklung net gläichméisseg verdeelt ginn. Den Auteur vun der Proposition de loi viséiert virun allem déi lescht Steiererreform. Dem Här Lux no wieren et haaptsächlech d'Leit mat deene

gréisste Revenuen, déi vun de Steiererliichterunge profitéiert hätten. Hie gesäit an där substanzieller Erhéijung vun dem Mindestloun, déi hie proposéiert, d'Moossnam fir dës Ongläichheet opzehiewen.

***(M. Jean Asselborn prend la Présidence)***

Fir den Här Lux ass d'Erhéijung vum Mindestloun eng sozial Begleetmoossnam zu de Steiererliichterungen. De Rapporteur huet awer ganz kloer an däitlech hei ervirgehuewen, datt den Ajustement vum Mindestloun a kenger Hisiicht eng sozial Moossnam ass. De Mindestloun ass als en Instrument vu sozialer Equitéit ze verstoen, dat all Aarbechter eng minimal Géigeleeschtung fir seng Aarbecht garantéiert. Iwwert dee Wee gëtt och dee fundamentale Wäert vun der Aarbecht unerkannt, d'Iddi, datt jiddereen un dem wirtschaftleche Wuesstum soll Deel huelen.

De Mindestloun ass net als Mëttel fir eng sozial Ëmverdeelung geduecht. Och däerf den Här Lux d'Erhéijung vum Mindestloun vun 1991 net als Argument ervirsträichen. Deemools ware ganz aner Argumenter, déi gespillt hunn, an dat weess hien och genau. Et war virun allem och d'Méthodologie an d'Berücksichtegung vun der Entwécklung vun de Léin tëschent 1984 an 1989, déi ausschlaggebend ware fir deen aussergewéinlechen, héijen Ajustement vum Mindestloun vun 1991.

D'Erhéijung vun deemools ergëtt sech aus der Errechnung vun dem reelle Réckstand vum Mindestloun op d'Entwécklung vun de Gehälter. Haut hu mir e Réckstand vun 3,5% an net vu 7%. Esou eng Erhéijung, wéi déi, déi den Här Lux virschléit, ass ausserdeem och net conforme, denken ech, mat der moderater Gehälterpolitik zu deene sech déi politesch a sozial Acteure verflicht hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst waren nach e puer Bemierkungen, déi ech am Kader vun dem Ajustement vum Mindestloun wollt maachen. Wéi gesot, de Fraktiounskolleeg a Rapporteur Marcel Glesener ass méi wéi iwwert de Rapport erausgaangen. Hien huet och seng Kommentaren dozou ginn. D'Entscheedung, de Mindestloun un d'Entwécklung vun de Léin a Gehälter vun de Joren 2000 an 2001 unzepassen, an dofir ëm 3,5% ze hiewen, ass déi richteg Entscheedung. Si bedeit fir 37.000 Salariéen, déi um Mindestloun bezuelt ginn, besser Liewensbedingungen. Letztendlech bedeit dësen Ajustement och d'Méiglechkeet, de Konsum ze förderen. Dofir hoffen ech, dass dëse Projet mat enger grousser Majoritéit haut gestëmmt gëtt. Dëse Projet fënnt natierlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun. Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Nico Loes. D'Wuert huet elo den Här Niki Bettendorf.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech dem Rapporteur Marcel Glesener merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport. Hien ass am Laf vun de Joren Expär an dëse Froe ginn an huet vun haut profitéiert, fir den Avis vun de Patronatschambere mat ze kommentéieren, déi mir nach net haten, wou mir an der Chamberkommissioun iwwert den Ajustement geschwat hunn, well mir keng Zäit haten, fir dat doten ze maachen.

Duerch den heitege Gesetzesprojet gëtt de Mindestloun vum Januar 2003 un ëm 3,5% gehéicht. Hie gëtt esou un déi duerchschnëttlech Steigerung vun de Léin a Gehälter aus de Joren 2000 an 2001 ugepasst. Et kéint ee mengen, dat heite wär "business as usual", well mir eis op Gesetzer a Methodologië stäipen, déi am Laf vun de Joren ëmmer erëm verbessert a verfeinert goufen. An awer bréngt d'Erhéijung vum Mindestloun d'Opponenten op den Dill: déi eng sinn dofir, déi aner sinn dogéint an nach anere geet d'Augmentatioun net wäit genuch.

Mir als Demokratesch Partei si mat dem Referenzmodell, deen 1991 ausgeschafft gouf, zefridden. Vun do un an nodeems op Grond vun de Berechnunge vun 1991, 1993 an 1995 den Écart, deen nach bestoung tëschent dem Salaire minimum de référence an dem Salaire social minimum sans charge de famille, absorbéiert gouf, hätten d'Diskussiounen iwwer zum Beispill d'Propositions de loi, wéi déi vum Här Lux, net méi brauche gefouert ze ginn. D'Gesetz vum 24. Dezember 1994 huet de Salaire social minimum avec charge de famille ofgeschaaft. A mengen Aen war vun dunn u kloer, wat de Salaire social minimum ass a wat hien net ass.

Wat ass den Zweck vum Mindestloun? De Mindestloun ass eng Mesure, déi dozou déngt, fir d'Ausbeutung vun eenzelne Beschäftegten ze évitéieren, a fir dass déi Aarbecht, déi geleescht gëtt, och honoréiert gëtt. Mir mussen eis an dëser Diskussioun bewosst sinn, dass déi Salariéen, vun deene mir hei schwätzen, oft nëmme ganz wéineg Qualifikatioun mat an de Beruff bréngen. Dat huet als Konsequenz, dass de Patron am Endeffekt ganz oft déi Persoun astellt, déi fir den niddregste Loun all Dag schaffe kënnt.

A wirtschaftlecher Rezessioun, wann de Chômage klëmmt, kann den Arbeitgeber souguer fir niddreg Léin qualifizéiert Main-d'oeuvre fannen. Ursprénglech war de Mindestloun dofir geduecht, fir ze verhënneren, dass Léin ausbezuelt ginn, déi ze vill niddreg gewiescht wären. Et goung virun allem drëm, fir dem Salarié e gewëssene Loun ze garantéieren, deen et him erlaabt huet, och eng Famill ze ënnerhalen.

Esou war dësen Agréff an d'Regele vun der fräier Maartwirtschaft aus sozialer Siicht e ganz grousse Progrès, deen iwwer méi wéi 50 Joer entscheedend zur sozialer Gerechtegkeet an dem soziale Fridde bei eis am Land bäigedroen huet.

Duerch déi regelméisseg Erhéijungen, déi um Mindestloun virgeholl goufen, sinn déi Beschäftegt, déi an deenen ënneschte Klasse vun de Gehälter- a Lountabelle stinn, mat um Wirtschaftswuesstum deelhuele gelooss ginn. Trotz dem Asaz vun de Gewerkschafte sinn et nämlech d'Mindestlounemfänger, déi an der schwächster Positioun géigeniwwer dem Patronat stinn. Eischtens hu si net ëmmer déi Qualifikatioun, déi si fir de Patron onersetzbar maachen, an zweetens bestinn an deene Betriber, wou virun allem de Mindestloun bezuelt gëtt, oft keng Kollektivvertrëg.

Här President, déi lescht Jorzéngten ass et dem Stat ëmmer dorëms gaangen, mat deene verschiddenen Upassungen och dës sozial méi schwaach Leit un der wirtschaftlecher Entwécklung, um Wuesstum vun eisem Land profitéieren ze loossen. Esou gouf de Mindestloun regelméisseg un d'Entwécklung vun den duerchschnëttleche Gehälter ugepasst, a mir si gutt domadder gefuer. Esou Errungenschafte kënnen net liichtfaankeg op d'Spill gesat ginn.

Mir sinn dës Kéier an enger spezieller Situatioun. Esou wéi et virgesinn ass, baséiert d'Erhéijung op der Entwécklung vun 2000 an 2001, zwee gutt Jore fir eist Land. Haut, Enn 2002, dréit et net méi esou gutt, mä soll dofir op den Ajustement verzicht ginn? Ech deelen der Regierung hir Meenung, dass eis Wirtschaft dës Augmentatioun verkraafte kann, ouni dass se negativ Auswierkungen op den Emploi huet. Prozentual sinn d'Mindestlounemfänger an de leschte Jore souguer zréckgaangen: vun 1999 ëm déi 17,1% op elo ëm déi 15,1%. Et gouf scho gesot, de Präis ass 2 Milliounen an den Impakt à charge vum Fonds pour l'emploi läit bei 1,5 Milliounen Euro, tabléiert op 3.000 indemniséiert Aarbechtsloser. Wann dës Zuel klëmmt, ginn dës Chargen natierlech an d'Luucht.

Ech hu gesot, ech deelen der Regierung hir Approche: Et kann een d'Konditioune vun der Stee net all Kéier änneren, esou wéi et engem ebe passt. Ech muss awer drop hiweisen, dass d'Halschent vun de Mindestlounbezéier aus Commerce-, Hôtel- a Restaurationsbetriber kommen. Et brauch ee keen Hellseher ze sinn, fir virauszegesinn, dass, doduerch dass den Ajustement gekoppelt gëtt mam Gesetz, wou d'Aarbechtszäit an den Hotellen an an de Restauranten nei geregelt gëtt, de Bifdeck bestëmmt méi déier gëtt. Dir wësst - an do wäert ech spéider nach eng Kéier drop zréckkommen -, dass mir dëst Gesetz haut och nach um Ordre du jour hunn.

Här President, ech hu versicht ze soen, wat de Salaire social minimum soll sinn. Ech wëll kuerz sträifen, wat en net ass, an zu wat en net soll benotzt ginn. De Salaire social minimum ass keen RMG. De Salaire social minimum ass keng familljepolitesch Moossnam, an de Salaire social minimum huet och näischt mat Steierpolitik ze dinn.

Ech wollt hei ganz kloer ënnersträichen, dass et a mengen Aen géiierlech wär, déi verschidden Instrumenter vun eisem Sozialstat an den Debatten an a Gesetzer mateneen ze vermëschen. Esou ass de Mindestloun och keng fiskal Moossnam. Wa mir de Mindestloun erhéijen, da gëtt d'Belaaschtung vun de Patrone méi grouss. Wa mir d'Steiere senken, da ginn d'Recettë fir de Stat méi kleng. Ech bleiwen der Meenung - an ech hunn et schonn an enger anerer Debatt gesot -, dass d'Steierreform an de kommende Joren hir Friichten hei am Land dréit, well de Stat alles gemaach huet, fir eise Betriber e wirtschaftlech favorabelt Ëmfeld ze schafen.

Ech wëll nach eng Kéier ervirsträichen, dass dës 3,5% net e Prozentsaz ass, deen einfach esou vum Himmel fält, wéi et engem an de Kapp kënnt. 3,5%, dat ass genau de Retard vun dem Mindestloun par rapport zur Entwécklung vun den Duerchschnëttsgehälter vun de Joren 2000 an 2001. A mengen An ass déi Method, déi benotzt ginn ass, an déi zënter zéng Joer besteet, schwéier ze kontestéieren.

Déi Method ass net eesäiteg vum Patronat, vum Stat oder vun de Salariéë vun de Gewerkschaften entwéckelt ginn. Si representéiert net déi eesäiteg Meenung vun engem soziale Partner, dee probéiert déi beschte Konditioune fir sech ze erreechen. Am Géigendeel, dee Grupp Expären, deen den neie Modell Ufanks den nonzeger Joren entwéckelt huet, dat ass ee Grupp; Tripartite géif ech en emol nennen.

Zweetens ass déi Method, säit 1994, och mat Erfolleg getest ginn. Et sinn dräi Elementer, déi mech op déi Behaaptung komme loossen: de wirtschaftleche Wuesstum, de Chômage an d'Proportioun vun deene Beschäftegten, déi e Mindestloun bezuelt kruten. Mir hunn an deene leschte Joren en héijen ekonomesche Wuesstum kannt, gläichzäiteg ass de Chômage niddreg bliwwen an de Prozentsaz vun de Salariéeën, déi de Mindestloun kréien, ass am Abléck esouguer réckleefeg.

Dat misst dach drop schléissen, dass d'Wirtschaft net duerch iwwerméisseg Lounfuerderunge gebremst ginn ass, an esou weiderhi konnten Aarbechtsplaze geschafe ginn. Gläichzäiteg konnte vill Salariéeën hir Aarbechtskonditioune verbesseren, an hir Gehälter esouguer iwwert de Mindestloun eraushiewen.

Drëttens gëtt dës Methodologie net eleng fir de Mindestloun gebraucht. Si gëtt, zënter 1994, och fir d'Ajustementer vun de Pensioune benotzt. Fir mech steet dës Methodologie op zolidde Féiss.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'LSAP huet an enger Proposition de loi eng siweprozenteg Erhéijung vum Mindestloun gefuerdert. Also dat Duebelt vun deem wat gebraucht gëtt, fir d'Progressioun vum Mindestloun där vun de Gehälter unzepassen. An den Ae vun der DP ass dës Propos zwar sozialpolitesch engagéiert, mä si riskéiert dee sensibelen Equiliber vun eiser Wirtschaft ze stéieren, an engem Moment wou e schonns fragiliséiert ass. Eng siweprozenteg Erhéijung vum Mindestloun kéint nämlech längerfristeg genau de Géigendeel bewierke vun deem, wat mir wëlle mam Mindestloun erreechen, nämlech d'sozial Gerechtegkeet an d'sozial Kohärenz an eiser Gesellschaft.

Déi 7% Propositioun ass net d'Resultat vu Fakten, mä vun Hypotheesen. An de Joren 2000 an 2001 sinn d'Duerchschnëttsgehälter vun der aktiver Bevölkerung an der Moyenne ëm 3,5% erop gaangen. Wa mir also elo higinn an de Mindestloun ëm 7% eropsetzen, gi mir automatesch dovun aus, dass d'Duerchschnëttsgehälter, an de Joren 2002 an 2003, och ëm 3,5% eropginn. Ouni elo grouss wirtschaftlech Prognosen ze maachen, kann een awer elo schonns soen, dass an dem aktuellen, konjunkturellen Ëmfeld dëst Zil net wäert erreecht ginn.

Wa mir also d'Propositioun vun de Sozialiste géifen unhuelen, da wäre mir an enger Situatioun wou d'Evolutioun vum Mindestloun eng Avance hätt op d'Duerchschnëttsgehälter. Wat d'Konsequenzen op de Chômage an op d'wirtschaftlech Aktivitéite wären, misst jo jiddferee sech och kënne virstellen.

Ech wëll hei eise Fraktiounspresident, de Jean-Paul Rippinger, zitéieren aus senger Budgetsried, wat hien zu der Propositioun vum Lucien Lux gesot huet.

„Dem Lucien Lux seng Propositioun datéiert op de 16. Juli 2002, also an engem Moment wou d'Wolleken um Lëtzebuerger Himmel nach net esou gro geschéngt hunn. Säit dem Juli krute mer leider vill konkret Beweiser dofir, datt eis Wirtschaft méi lues dréit, domat huet sech och ëmmer méi kloer gewisen, dass déi Hypotheesen, op déi d'Propositioun Lux sech baséiert huet, onrealistesch, an, fir et douce auszedrécken, wirtschaftspolitesch riskéiert waren. Eng logesch Reaktioun fir all Partei wier gewiescht, dës Propositioun falen ze loossen.

Ech hu mir d'Fro gestallt, ob et nëmmen eng Propositioun Lucien Lux war, oder ob se elo nach vun der LSAP gedroe gëtt? Eist Erstaune war grouss, wéi de 6. an den 20. November d'LSAP a Pressecommuniquéen d'Majoritéit opgefuerdert huet, hir Propositiounen dach endlech unzehuelen. Wann een awer weess, datt déiselwecht Partei, op enger vun hiren zahlräiche Pressekonferenze vum 18. November, der Regierung wirtschaftlech Inkompetenz virgeworf huet an d'Sozialisten erkläert hunn, si wäre prett d'Verantwortung ze iwwerhuelen, da kann ech nëmme soen, dass ech dëst Behuele regelrecht paradox fannen, an hiert Festhalen un der siweprozenteger Erhéijung méi wéi wahrscheinlech aus reng wahltechneschen taktesche Grënn motivéiert ass."

Ech hunn hei gesot, ech géif d'Budgetsried vum Här Jean-Paul Rippinger zitéieren, ech hunn dat domadder gemaach. Well mir dat gutt gefall huet, a well dat och heiranner passt.

***(Interruptions)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäin Erstaune war nach méi grouss, wéi bei eise sozialistesche Kolleegen d'Problematik vum Mindestloun mat der Steierreform a Verbindung bruecht gëtt, nom Motto: Déi Leit, déi de Mindestloun kréien, goufen net nëmme bei der Steierreform vergiess, mä elo solle se och nach déi Éischt sinn, déi ënnert deem méi schwaache Wuesstum leiden.

Dat entsprécht awer elo iwwerhaapt net den Tatsaachen. Et ass wouer, een Deel vun de Mindestlounempfänger bezilt keng Steieren, wat natierlech fir si positiv ass. Zweetens hunn och d'Mindestlounempfänger vun der Steierreform profitéiert, a si sinn eleng déi, déi vun der Mindestlounerhéijung profitéieren, déi déi driwwer leie sinn net betraff.

Här President, ech begréissen et, dass d'Regierung beim Conseil économique et social eng Etüd an Optrag ginn huet, wat d'Aféierung vun enger negativer Steier ubelaangt. Mir als Demokratesch Partei haten dës Iddi schonns 1994 an eisem Wahlprogramm stoen; mir hunn deemools geschwat vun engem Biergergeld. Den Här Jaerling seet, si hätten dat schonn 1974 gehat, ech weess net, ob si schonns deemools bestanen hunn.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Dach, ech war schonn do.

***(Hilarité)***

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Jo, also dat freet een ëmmer, wann een esou Bemierkunge gemaach kritt wéi: 1974 ware mir schonn dofir. Op alle Fall kënnt Dir noliesen, Här Jaerling, mir hunn 1994 dofir plädéiert, fir e Biergergeld anzeféieren. Wat also déi Etüd rejoignéiert, déi d'Regierung am Abléck maache léisst, fir d'Répercussioune vun enger Negativsteier kënnen ze ënnersichen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fuerderunge vun der LSAP, fir de Salaire social minimum ëm 7% eropzesetzen, entsprécht net der Gesetzgebung, déi mir eis ginn hunn ënnert sozialistescher Regierungsbedeelegung, an ass bei der heiteger Situatioun och net vertrietbar. Natierlech läit eis alleguerten um Häerz, fir och deene sozial Schwaachen esou wäit wéi méiglech entgéint ze kommen, mä mir mussen awer realistesch a konsequent an onsen Approchë bleiwen.

Eng vun de Stäerkte vu Lëtzebuerg, iwwert déi lescht Jorzéngten, war de wirtschaftleche Realismus vun all de soziale Partner. Dëse Realismus ass och haut nach present. Esou huet sech de Comité de Coordination Tripartite nach am Abrëll 2002 fir eng Lounpolitik ausgeschwat, déi am Aklang mat der Entwécklung vun der Produktivitéit ass. Nëmmen doduerch ka längerfristeg de Wuelstand zu Lëtzebuerg garantéiert ginn a weiderhin héich sozial Leeschtunge bruecht ginn. Mir vun der liberaler Partei stinn zum Regierungstext a sinn der Meenung, dass eng 3,5%teg Erhéijung vum Salaire social minimum gerechtfertegt ass. An dobäi kënnt, datt et nämlech och déi Leit sinn, déi vun der Erhéijung vum Salaire social minimum profitéieren, déi hir Sue brauchen, an och erëm hei zu Lëtzebuerg ausginn, an esou d'Lëtzebuerger Wirtschaft mat ënnerstëtzen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och dem Lucien Lux merci soe fir eng Ausso, déi hie gemaach huet, wou hien am Fong eng Richtegstellung gemaach huet iwwert dem Henri Grethen seng Budgetsried, seng Foiresried, wou hien öfters falsch zitéiert ginn ass. Ech si frou, dass den Lucien Lux dat gemaach huet, well ech hat mer d'Budgetsried, d'Foiresried, matbruecht, fir et selwer eng Kéier ze soen. Den Henri Grethen huet deemools gesot: „Je souhaite inviter à la prudence, alors que des initiatives ré-

centes, par exemple en matière d'adaptation extraordinaire du salaire social minimum pourraient mettre en question l'équilibre délicat entre les légitimes aspirations sociales".

Hien huet also nëmme vun extraordinären Augmentatioune geschwat. An dofir, Här Lux, merci, dass Dir dat esou prezis richteg gestallt huet. Dat ka jo näischt schueden, wann och e Politiker eppes eng Kéier richteg stellt an dofir soen ech dem Här Lux merci. Ech gesinn awer, hien ass tenace mat senge Proposen a schéngt seng Proposition de loi, déi Augmentatioun vu 7%, opginn ze hunn. Ech hunn elo grad op mengem Dësch en Texte d'amendement fonnt, wou net méi Rieds geet vun deene 7%, mä vun enger Augmentatioun vu 5,2%, an dann nach eng Kéier, méi spéit mengen ech, 1,7%, 2005. Do si mir nach net, Här Lux, op alle Fall soen ech Iech merci fir Är Aarbecht, déi Dir Iech gemaach hutt.

Ech soe virun allem nach eng Kéier dem Rapporteur merci fir déi excellent Aarbecht a fir d'Presentatioun vu sengem Rapport. An domadder kommen ech zum Schluss, an ech wëll dann och den Accord vun der Demokratescher Partei zu dem Projet de loi vun der Regierung bréngen. Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Bettendorf. Den nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll och dem Rapporteur félicitéiere fir säin ausféierleche Rapport, deen dat erëmspigelt wat vun der Regierung a Saache Mindestloun erwënscht ass. An ech wëll awer och dobäi dem Här Lux fir seng Initiativ félicitéieren, déi versicht och de Mindestloun a méi engem grousse Mooss ze erhéijen.

3,5% sollen d'Léin an d'Gehälter vun deene 37.020 Salariéen ab dem 1. am Haartmount 2003 mat deem haut virleiende Gesetzprojet erhéicht ginn. Iwwer 37.000 Leit ginn hei am Land also mat engem absolute Minimum rémunéréiert . An ab dem 1. am Haartmount 2003 wäerten et der nach méi sinn, well ebe mat all Erhéijung vum Mindestloun nei Mindestlounbezéier entstinn, nämlech déi, déi manner wéi 3,5% elo iwwert dem aktuelle Mindestloun leien.

Ech sinn och net mam Här Bettendorf d'accord wann e schwätzt vun enger prozentualer Reduzéierung vun de Mindestlounbezéier. Dat gesäit awer an effektive Chifferen anescht aus. Dat heescht, wa mer méi Salariéen hei am Land schaffen hunn, dann ass et kloer, dass dann de Prozentsaz vun deenen, déi de Mindestloun hunn, erofgeet. Ech mengen, et soll een net d'Zuel vun de Mindestlounbezéier hei am Land domat minimiséieren, dass een eng Prozentspillerei duerbréngt.

Här President, och wann d'Erhéijung vum Mindestloun engem prezise Mechanismus ënnerläit, deen hei schonn erkläert ginn ass, si mer awer hei déi, déi schlussendlech décidéiere wat dann e Salarié däerf verdéngen, fir ze iwwerliewen. Mir kënnen eis awer, do sinn ech sécher, mat deem wat mer hei verdéngen, kaum an d'Situatioun vun engem Mindestlounbezéier erafillen. Well richteg liewe kann ee mam Mindestloun ganz bestëmmt net. 1944, wéi de Mindestloun agefouert gouf, war d'Philosophie, fir am Interesse vum soziale Fridde Léin festzeleeën, déi et dem Salarié sollten erméiglechen, sech liewensnoutwendeg Wueren unzeschafen a Wunnméiglechkeeten, fir en dezente Liewensniveau ze erméiglechen. Dës Philosophie, déi déi eenzeg richteg war an ass, an och bleiwe misst, ass mat der Reform vun 1973 violéiert ginn. Et sinn haaptsächlech nach ökonomesch Critèren, déi d'Evolutioun vum Mindestloun bestëmmen, och wann dat ëmmer versicht gëtt ze verleugnen. Et gëtt elo nach just vun engem psychologesche Minimum geschwat, fir de Mindestwäert vun der Aarbecht ze ëmschreiwen. Datt de Mindestloun psychologesch Auswierkungen huet, dat gesäit een, wann ee kuckt war fir eng Problemer déi Leit hunn, déi domadder musse liewen. Mä dofir muss een awer d'Aen opmaachen an an déi richteg Richtung kucken, nämlech och heiansdo no ënnen.

Här President, am Exposé des motifs zu dësem Projet sinn eng Rei interessant Bemierkungen erëm ze fannen, op déi et derwäert ass anzegoen, well se total a Kontradiktioun leie mat deem Resultat, wat schlussendlech hei proposéiert gëtt. Zum Beispill ass vermierkt, dass d'Aarbecht net dierf ugesi gi wéi iergendeng aner ökonomesch Ressource, an hire Wäert net däerf a Fonctioun vum Maart évaluéiert ginn. De soziale Mindestloun soll psychologesch der Aarbecht e fundamental mënschleche Wäert ginn. D'Erhéijung vum Mindestloun kënnt och dozou déngen, fir der Ökonomie e seriöse Coup de pouce ze ginn, fir d'Relance vun der interner Consommatioun - dorobber kommen ech herno nach eng Kéier méi genau zréck -, well eben déi Salariéen éischter hir Plus-valuen an d'Consommatioun stieche wéi an d'Erspuernis.

Am internationale Vergläich, an ech mengen, dat ass hei nach net gesot ginn, läit eise Mindestloun mat 42% vum Duerchschnëttsloun op engem modesten Niveau a Relatioun mat aneren EU-Staten. Nëmmen d'Belsch an England leien ënnert dësem Duerchschnëtt.

Här President, ech wëll awer hei net verfeelen, fir e puer Wuert ze verléieren, wat de Prozentsaz vun der Erhéijung ubelaangt. Et ass kloer, dass dem Patronat all Lounerhéijung zevill ass, an dass et an all supplementar Charge eng Katastroph gesäit. Et ass awer nach kee Betrib um Mindestloun oder un der Indexupassung Faillite gaangen.

Fir d'Tripartite-Gewerkschafte geet déi Erhéijung net wäit genuch. Et misst éischter vu Regierungssäit e staarkt Signal gesat ginn, zumools well d'Renten ëm 4,5% erhéicht gi sinn, a souwisou duerch den Ajustement nach eng 3,5%teg Erhéijung dobäi kéim ab 2003. Trotzdeem ass d'Erhéijung vun 3,5% an der Tripartite akzeptéiert ginn. An der Öffentlechkeet sinn awer groussspuereg Fuerderunge gestallt ginn. Ech fannen dat e bëschen hypokritesch, an et géif esou lues Zäit ginn, dass erëm jiddereen nach just déi Roll spillt, fir déi e sech hiergëtt.

De Projet iwwert de Mindestloun ass och ouni Avise vun de Beruffschamberen ofgeschloss an dësem Parlament virgeluegt ginn. Engersäits sinn ech awer der Meenung, dass et net déi richteg Aart a Weis ass, datt hei e Gesetz gestëmmt gëtt ouni d'Avise vun alle Beruffschamberen. Anerersäits ass et awer vläicht gutt, dass d'Salariatsberuffschamberen hei keen Avis virgeluegt hunn, soss wier et vläicht erëm virkomm, dass déi Leit, déi an der Tripartite an am Statsrot sëtzen, an déi och mat an de Beruffschamberen d'Soen hunn, hei am Numm vun de Beruffschamberen en aneren Avis ofginn hätten, wéi deen, dee se an deenen anere Gremien akzeptéiert hunn.

***(Interruptions)***

An der Kommissioun, Här Minister hate mer en awer nach net. Ech erënneren do un d'Revisioun vum PAN-Gesetz am Zesummenhank mat de Referenzperiode vum Horaire mobile, wou d'Salariatschamberen en negativen Avis ofginn hunn, an d'Presidente vun deenen zwou Tripartite-Gesellschaften awer an der Tripartite an am Wirtschaftssozialrot hiren Accord ginn haten. Mä déi Situatioun wäert sech vläicht änneren. Wa se elo allenzwee an d'Politik ginn, da brauche se keng esou eng Show méi ofzezéien. Vläicht kann dann d'LSAP erëm an der Regierung, a wie weess, vläicht gëtt den OGB-L-President da Statsminister, da kann d'Regierung all sechs Méint eng Kéier e Generalstreik ofblosen. Dobäi feelt dann nach just den LCGB-President als Fraktiounsspriecher vun der Oppositioun. Da wär den Zirkus komplett.

Wat den Avis vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers ubelaangt, esou ënnerstëtzen ech awer dat, wat de President vun eiser Kommissioun gesot huet. Ech fannen déi Aart a Weis einfach e Skandal, wéi déi zwou Beruffschambere sech iwwert de Wäert vun der Aarbecht vun deenen net qualifizéierte Salariéen ausloossen, wéi wann deenen hir Aarbecht kee Wäert hätt. Ech fannen dat einfach skandaléis, an ech weisen dat mat aller Entschiddenheet zréck, well all Salarié hei am Land dréit zu eisem wirtschaftlechen Opschwonk bäi, an et däerf net esou sinn, dass iergendeng Zort vu Salariéen hei diskriminitär behandelt gëtt.

Här President, ech wëll mech hei net driwwer ausloossen, ob d'Opbesserung vum Mindestloun elo héich genuch ass oder net. Ech wëll dës Tribün emol benotze fir ze analyséieren, wat ee sech dann iwerhaapt mam Mindestloun ka leeschten, esou wéi ech och wëll analyséieren, wat de Wäert vun der Aarbecht hei am Land iwwerhaapt ass. An ech wëll awer och net verfeelen hei virzebréngen, dass déi Salariéen, déi de Mindestloun verdéngen, och laanscht all Steierreform a Steiervergünstegunge rutschen, well se keng Steiere bezuelen. Dat gëllt esouwuel fir déi rezent Steierreduktiounen, wéi och fir d'Abattementer, déi fir de Wee fir op d'Aarbecht zougestane ginn.

En Direkter vun enger Entreprise ka vun de steierlechen Abattementer fir säi Wee op d'Aarbecht profitéieren. E Salarié, deen hie mam Mindestloun beschäftegt, an deeselwechte Wee op d'Aarbecht huet, kann näischt ofsetzen.

Dem ADR seng Propositioun also, fir eng Negativsteier anzeféieren, an Hand vun deem deen, dee keng Steiere bezilt, iwwert de Wee vu Forfaiten datselwecht kann u steierleche Virdeeler zougestane kréie wéi deen, deen Abattementer kritt, kënnt sécherlech an dësem Beräich Gerechtegkeet schafen. Dat wär eng Noutwendegkeet, fir dass och Klengverdénger kënnte vun der Ëmverdeelung, déi mer erwirtschaften, iwwer steierenakasséierten a bis elo schlecht verdeelte Räichtum profitéieren.

Här President, no der Erhéijung vum Mindestloun, ass de Mindestloun fir net qualifizéiert Salariéë brutto 1.368,74 Euro beim heitege Stand vum Index. De Mindestloun fir qualifizéiert Salariéen ass 1.642,49 Euro. Wann een d'Soziallaaschten an de Beitrag vun der Fleegeversécherung bei engem net qualifizéierte Salarié, dee Jonggesell ass, ofzitt, da bleiwen netto ongefeier 1.148 Euro. Déiselwecht Zomm bleift och enger Famill mat zwee Kanner, wou nëmmen ee Mindestlounbezéier de Revenu vun der Famill erabréngt. Fir hei am Land awer kënnen eenegermoossen ënner mënschleche Bedéngungen ze wunne muss een tëschent 500 a 750 Euro ausginn, jee no Gréisst vum Wunnraum. Huele mer un, dass e Jonggesell e Studio fir 500 Euro fënnt - dann ass e schonn e Gléckskand -, da bleiwen him fir ze liewen nach 688 Euro de Mount.

Et kommen dann duerchschnëttlech nach all Mount 60 Euro Chargen dobäi. Da bleiwen nach 628 Euro. Wann een dann nach dobäi rechent, dass duerch déi Mobilitéit a Flexibilitéit, déi haut vun engem Salarié verlaangt gëtt, och nach duerchschnëttlech 250 Euro Emprunt a Chargë fir den Auto dobäi kommen, bleiwen nach 378 Euro fir z'iessen, sech ze kleeden a fir Hobbyen. Dat sinn emol keng 100 Euro d'Woch. Nach manner bleift enger Famill mat zwee Kanner, déi just ee Revenu an Héicht vun engem Mindestloun erakritt, well do ass de Loyer, wéinst méi groussem Wunnraum, dee gebraucht ass, méi héich, esou dass och do ongefeier nach 328 Euro bleiwen, just dass dee Montant muss duerch véier gedeelt ginn. Et bleiwe knapp 20 Euro d'Woch op de Kapp. Dat ass emol net een Drëttel vum deem, wat mir hei an der Chamber fir een Nomëtten als Jeton kréien. Beim qualifizéierte Mindestloun gesäit dat e bësse besser aus, mä och domadder kann eng Famille just végétéieren; liewe kann een dat net nennen.

Här President, dat ass een Element, wat ech wollt virbréngen am Zesummenhang mam Wäert vun der Aarbecht am Land. A wann een da bedenkt, dass 20 Euro op de Kapp sollen dozou bäidroen, esou wéi dat an der Philosophie vum Mindestloun soll sinn, fir d'Wirtschaft hei am Land unzekuerbelen, ech mengen, dann ass dat wierklech phänomenal.

Wann ech de Mindestloun elo a Relatioun setze mam RMG, da stelle sech nach méi Froen iwwert de Wäert vun der Aarbecht. Den RMG fir eng Famill mat zwee Kanner ass 1.584,39 Euro brutto. Wann dës Famill net an enger Sozialwunneng ënnerbruecht ass, steet hir nach ee Mietzouschoss vun netto 124 Euro zou. Beim RMG gëtt keng Pensiounskeess ofgehalen. Och dat ass eppes, wou een och emol eng Kéier driwwer misst diskutéieren. Et bleiwen dëser Famill netto, wann een de Mietzouschoss matrechent, 1.643 Euro. Dat heescht also, ëm déi 455 Euro weider wéi enger Famill wou eng Persoun schafft. Déi Famill, déi nëmmen ee Mindestloun als Revenu huet, kann awer iwwert den RMG ee Complément kréien, fir op datselwecht Akommes ze kommen. Dofir muss se awer bei d'Sozialamt biedele goen, an een aus der Famill muss 40 Stonnen d'Woch schwéier schaffen, well jo gewosst ass, dass déi Leit, déi fir de Mindestloun musse schaffen, och nach näischt geschenkt kréien. Wou bleift also do de Wäert vun der Aarbecht?

Bei enger Famill an där een de qualifizéierte Mindestloun heem bréngt, gëtt d'Situatioun nach méi grotesk. Déi ka kee Complément iwwert den RMG ufroen, well de Revenu liicht iwwer dem RMG ouni Mietzouschoss läit, a mam Mietzouschoss op gläicher Héicht, just dass ee qualifizéierte Salarié, an enger Famill mat zwee Kanner, 40 Stonnen d'Woch schafft fir datselwecht erauszekréie wéi eng Famill, déi den RMG kritt. Ech wëll domadder net den RMG hei a Fro stellen, ech wëll einfach just de Vergläich zéien am Zesummenhang mam Wäert vun der Aarbecht. Wann een dat aus där Perspektiv kuckt, dann huet d'Aarbecht hei am Land kee Wäert, an da gëtt et héich Zäit, dass mir hei am Land iwwer de Mindestloun an de Wäert vun der Aarbecht nodenken.

Den Här Statsminister huet och schonn hei ugekënnegt, dass hie wëlles huet dëst Thema ouni Tabu deemnächst ze behandelen. Här President, wann ech vum Wäert vun der Aarbecht schwätzen a vum qualifizéierte Mindestloun, da kommen ech net derlaanscht, fir och de Wäert vun der Qualifikatioun ze ernimmen an d'Ennerscheeder hei am Land vun der Rémunératioun vun der Qualifikatioun ze analyséieren.

Huele mer een Handwierker. Am Privatsecteur gëtt e mam qualifizéierte Mindestloun bezuelt, vläicht och nach liicht driwwer. Am öffentleche Secteur gëtt déiselwecht Qualifikatioun duebel, jo, esouguer bal dräifach esou héich bezuelt. Wie wonnert et dann, dass déi qualifizéiert Leit aus dem Privatsecteur an den öffentleche Secteur drängen? Et kann ee scho bal vun deloyaler Konkurrenz schwätzen. Et ass dofir net verwonnerlech, dass vill Jonker op eng Handwierkercarrière verzichten, well se genau wëssen, dass se net alleguer an den öffentleche Secteur erakommen a keng Loscht hunn, fir Hongerléin eng qualifizéiert Aarbecht ze verriichten. Wann dem Stat d'Qualifikatioun esou vill Wäert ass, wéi en duerfir am öffentlechem Secteur bezilt, wär et dann net légitime, dass och deene qualifizéierte Leit am Privatsecteur datselwecht misst zoustoen? Sollt ee vläicht net emol iwwerleeën, ob een net kënnt een RMG fir d'Qualifikatioun schafen, deen an därselwechter Héicht wär, wéi déi qualifizéiert Léin beim Stat? Ech ka mir jo net virstellen, dass dës Regierung sech wäert trauen an der Fonction publique an deem Zesummenhang eng Brems anzeleeën.

Op jidde Fall sinn déi Ënnerscheeder, déi am Bezuele vun der Qualifikatioun bestinn, einfach net tragbar an degradéieren d'Handwierker am Privatsecteur zu Zweetklassequalifizéierter, an dat, obwuel se deeselwechte staatlechen Diplôme hu wéi d'Handwierker aus der Fonction publique. An och de Meeschterbréif ass am private Secteur manner wäert wéi beim Stat, well e keen Urecht op eng Lounopbesserung gëtt, wann ee mat engem Meeschterbréif Salarié ass. Datselwecht gëllt awer och fir déi net qualifizéiert Salariéen. Och do sinn d'Ennerscheeder net méi tragbar. Et gëtt also nach villes ze dinn, wann an dësem Land Gläichheet tëschent de Bierger soll Realitéit ginn. Här President, ech wëll awer och nach e puer Wuert iwwer dem Här Lux säi Gesetzesvirschlag hei verléieren.

Den Här Lux weess, dass seng Propositioun mir perséinlech sympathesch ass, jiddefalls méi sympathesch wéi dat, wat vu Regierungssäit eis hei virgeluegt gëtt als Opbesserung vum Mindestloun, mä et ass awer och esou, dass déi Gewerkschaft, déi dem Här Lux no steet, an der Öffentlechkeet net midd gëtt méi wéi 3,5% ze verlaange virun der Tripartite, mä an deene Gremien, wou et zielt, hannert verschlossenen Dieren dann eng ganz aner Sprooch schwätzt a sech zefridde gewisen huet, dass et iwwerhaapt 3,5% Opbesserung gëtt. Dofir fält et mir schwéier mam Här Lux matzezéien, zemools well mech nach eppes anescht un där Propositioun stéiert, nämlech den Datum, wou déi Propositioun deponéiert ginn ass. Hien hätt dës Propositioun misse viru fënnef Joer deponéieren, zu engem Zäitpunkt, wou et hei am Land nach keng konjunkturell Problemer gouf, net ze vergiessen, dass d'LSAP deemools an der Regierung souz a si déi Propositioun handfest hätt kënnen ënnerstëtzen.

Et ass, menger Usiicht no, an ech kucken dat elo objektiv, vill ze vill einfach, vun aneren eppes ze verlaangen, wat ee viru Jore selwer hätt kënne mat senger eegener Partei an d'Weeër leeden. Ech sinn awer nach ëmmer der Meenung, grad esou wéi den Här Lux, dass d'Erhéijung vum Mindestloun net duergeet. Ech hunn un Hand vun e puer Beispiller opgewisen, dass och eng Erhéijung vu 7% déi substanziell Problemer vun deene 37.000 Mindestlounbezéier net géif léisen, an net ka léisen. Esou sympathesch wéi mir dem Här Lux seng Propositioun och ass, esou schéngt se mir awer och e bësse populistesch, well se menger Usiicht no net nëmmen aus sozialen, mä och aus politesche Grënn duergeluegt ginn ass.

Här President, ech hunn et schonn ugeschnidden, mir brauchen eng déifgräifend Diskussioun an déifgräifend Mesuren, fir de Wäert vun der Aarbecht ze honoréieren. Den Här Krieps huet hei den 11. vum Chrëschtmount um 18.25 Auer op

dëser Tribün gesot: D'Aarbecht an de Mérite mussen honoréiert ginn. Engem dee schafft, steet schonn dofir e Mérite zou, an een, deen iwwer seng Qualifikatioun nach eng zousätzlech Plus-value matbréngt, verdéngt en zousätzleche Mérite.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Här President, ech sinn iwwerzeegt, dass dës Erhéijung vum Mindestloun wäert mat grousser Majoritéit gestëmmt ginn. Esou wéi ech och iwwerzeegt sinn, dass sech och eng grouss Majoritéit heibanne wäert fannen, fir esou schnell wéi méiglech eng Diskussioun iwwert de Mindestloun, de Wäert vun der Aarbecht an der Qualifikatioun hei am Land unzereegen. Ech wäert selbstverständlech dëser Erhéijung vum Mindestloun zoustëmmen. Wat dem Här Lux seng Propositioun ubelaangt, kann ech déi, esou sympathesch se mir och ass, aus deene Grënn, déi ech hei opgezielt hunn, net matdroen. Meng Fraktioun wäert déi proposéiert Erhéijung vum Mindestloun stëmmen.

***(Interruptions diverses)***

Leet do Äre Kapp a Rou, ech hunn zevill en décke Kapp, fir dass iergendee mir kann ee Maulkuerf drop setzen.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Den Här Glesener huet d'Wuert.

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Här Jaerling, et war interessant, wat Dir elo grad gesot hutt, an dofir meng Fro am Zesummenhang mat dem Virschlag vun der sozialistescher Partei, de Mindestloun ëm 7% ze erhéijen.

Wësst Der nach, dass déi lescht Mindestlounerhéijung ënner sozialistescher Bedeelegung 1,3% war?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Jo. Dat ass Geschicht. Mir si jo awer elo an enger neier Evolutioun, an ech mengen, wann den Här Lux...

***(Interruptions diverses)***

…seng Propositioun viru fënnef Joer erabruecht hätt, dann hätte mir awer eng ganz aner Diskussiounsbasis gehat wéi déi elo, an dann hätt Dir, als ehemolege President vun enger Gewerkschaft, och ganz anescht an an eng aner Richtung misse schwätzen.

Ech bleiwen op jidde Fall menger Linn trei. Jiddferee weess, op wat fir enger Säit ech stinn an ech maachen och ni en Heel draus. Dat wäert och an Zukunft ni geschéien.

Dann zum Amendement vum Här Lux a vun der sozialistescher Fraktioun. Deen Amendement ass sympathesch a versicht, nodeem dass d'Proposition de loi ofgelehnt ginn ass, nei Elementer ze bréngen. Mä do ass awer eppes, wat mech direkt stéiert an zwar, dass an deem Amendement just Rieds geet vun net qualifizéierte Mindestléin.

Hei an deem Amendement geet just Rieds vum net qualifizéierte Mindestloun. Dat heescht, wann Dir awer just wëllt den net qualifizéierte Mindestloun erhéijen, dann entwäert Der jo domat d'Qualifikatioun, an domadder kann ech awer net d'accord sinn. Ech mengen, wa mer vum Mindestloun schwätzen an en Amendement eraginn, dann däerf een net nëmme vum net qualifizéierte Mindestloun schwätzen, mä da muss een awer och vun deem aneren…

***(Interruption)***

Hei geet just Rieds vum net qualifizéierte Mindestloun. Bon, wou ech jo hei gesot hunn, dass awer d'Qualifikatiounen trotz allem mussen eng gewësse Valeur behalen, kann ech do mat deem Amendement och net d'accord sinn.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Kann ech den Här Lux a Schutz huelen?

An eisem Projet steet och näischt iwwert de qualifizéierte Mindestloun, well deen ass am Basisgesetz automatesch un den net qualifizéierte Mindestloun gekoppelt. Dat heescht, wa mir den net qualifizéierte Mindestloun - dat ass dat Eenzegt wat mer och haut stëmmen - ëm sou vill Prozent erhiewen, kënnt automatesch, ouni dass mer dat mussen an dësem Gesetz virgesinn, eng Augmentatioun och fir de qualifizéierte Mindestloun.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Entschëllegt, an den Explikatioune vum Gesetz, wat mer haut stëmmen, stinn awer déi zwee Chiffere…

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Dass Der et sollt wëssen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Hei sti se net dran.

***(Hilarité et brouhaha général)***

Ech entschëllege mech dann, datt ech erëm total derniewent louch.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mir diskutéieren am Kontext vun deem Projet de loi haut iwwert déi Leit, déi vergiess ginn an der Regel, wann et gutt geet an eiser Gesellschaft. Et sinn awer och genau déi Leit, un déi un éischter Stell geduecht gëtt, wann et erëm schlecht geet an der Gesellschaft. Well mir konnten dat an deene leschte Woche suivéieren.

Egal wéi verschidde Rieden interpretéiert gi sinn, et konnt ee virun allem mol a verschiddene Stellungnahme vu verschiddene Beruffskammeren och ganz däitlech erausliesen, datt se an ekonomesch schlechten Zäite fir d'éischt un déi denken, deenen et sou wéi sou schonn net gutt geet, fir deenen nach manner ze ginn. Et ass awer och déi Kategorie vu Leit an eiser schéiner Konsumgesellschaft, déi, wann et gutt geet, am mannste profitéieren dovun datt et gutt geet, an am mannste kënnen deelhuelen um Kaufrausch, dee sech dann développéiert.

Wann ech zréckkucken, virun zwee, dräi Joer zu Lëtzebuerg, wéi et geboomt huet, wéi eng ganz Rei Kategorien an eiser Gesellschaft an där Situatioun vill gefuerdert hunn, och vill kritt hunn, an deene leschte Joren dovunner gutt konnte profitéieren an deementspriechend gutt konnte liewen, waren et grad déi dote Kategorië vu Leit, déi näischt bis ganz, ganz wéineg kritt hunn, an donc och dunn net konnten un deem Wuelstand dann deementspriechend deel huelen. Et ass och esou, datt genau déi do Kategorien duerfir sinn, déi, wann eis Konsumgesellschaft, wéi et am Moment ass, e liichte Schnapp kritt, séier riskéieren eng Longenentzündung ze kréien an effektiv duerfir ganz vill Schwieregkeeten hunn, fir nach iwwerhaapt iwwert d'Ronnen ze kommen.

De Mindestloun ass an deene Gréngen hiren Aen ee vun deene wichtegsten Acquisë vum Sozialstat an eiser Gesellschaft. E garantéiert zumindest, datt hei am Land, an och an deene meeschte Länner vun der Europäescher Unioun, net dat geschitt, wat zum Beispill an de Vereenegte State passéiert, wou esou eng gesetzlech Basis net existéiert, wou mer haut eng nei Klass hunn an der Gesellschaft, déi sech nennt „the working poor". Dat heescht Leit, déi eng Aarbecht hunn, déi eng normal Aarbecht hunn, déi 40 an esouguer nach méi Stonnen d'Woch schaffen, an déi Aarbecht, déi se hunn, an hire Revenu, dee se kréien, emol net duergeet, fir kënnen dezent ze liewen. Dat heescht, datt se esouguer mat där normaler Aarbecht, déi se hunn, an den Aarmuttsberäich ofrutschen an ugewise sinn op karitativ Organisatiounen. Et ass esou, datt déi Leit natierlech och esouguer an der Regel duerfir mussen zwee bis dräi Joben hunn, fir iwwerhaapt kënnen ze existéieren.

Elo ginn ech dem Här Lux awer Recht, wann e seet, och wa mer dee Mindestloun hunn, wat e wichtege sozialen Acquis ass fir dat doten ze verhënneren, dann ass dat nach laang net esou, datt déi Leit do kënnen iwwert d'Ronne kommen, ouni zum Beispill, jee nodeem wéi hir Familljesituatioun ass, awer op d'Sozialgesetzgebungen zréckzegräifen, wéi zum Beispill den RMG, dee se mussen ufroen als Complément, fir kënnen ze iwwerliewen, an dann nach relativ méi schlecht wéi recht iwwerliewen. Si hunn dann zwar de Minimum, fir datt se net an d'Aarmuttsgrenz ofrëtschen, dat ass kloer, mä et kann een net behaapten, am Verglach zum Rescht vun eiser Gesellschaft haut, datt se gutt géinge liewen.

Et ass och richteg, wéi den Här Lux haut virdru gesot huet, datt dat dote Kategorië si vu Leit, déi gréisstendeels bei de Kollektivverträg net méi berücksichtegt ginn, well dat meeschtens Leit sinn, déi aus de Kollektivverträg erausfalen, an et och immens schwéier gëtt, fir iwwert den normale gewerkschaftleche Wee duerfir ze suergen, datt an deene Secteuren, déi do betraff sinn, déi Leit normal Léin kréien, déi besser ausgesi wéi dat haut de Fall ass, an datt et och duerfir kloer ass, datt de Stat eng immens Responsabilitéit huet fir duerfir ze suergen, datt déi dote Kategorië vu Leit gehollef kréien.

Eng Geleeënheet, wou een hinnen hätt kënnen hëllefen, dat wär effektiv gewiescht am Joer 2000, wéi d'Regierung décidéiert huet e gréissere Steierreduktiounspak op den Instanzewee ze schécken. Ee Steierreduktiounspak, wou mir dergéint gestëmmt hunn, aus villfältege Grënn. Ee Grond, dat war deen, deen ech am Kader vun de Budgetsdebatten erkläert hunn. Een anere Grond war awer och deen - an deen erklären ech dann haut - well mer der Meenung waren, datt en total antisozial wär, datt en déijéineg, déi ganz vill géinge verdéngen, zolidd géing zerwéieren, an datt déijeeneg, déi wéineg géinge verdéngen an eiser Gesellschaft, ganz wéineg bis guer näischt géinge kréien.

Et hätt een eiser Meenung no, amplaz dass nëmme global Steierreduktioune gemaach gi si fir Leit, déi souwisou scho relativ vill, fir net ze soe genuch hunn, kënnen am Kader vun enger Steierreform am Joer 2000 op de Wee goe vun enger Negativsteier. A wann ech dann elo héieren hei, datt gesot gëtt, d'Regierung hätt eng Studie an Optrag gi fir ze analyséieren ob déi Negativsteier do machbar wär, oder a wat fir enger Form se machbar wär, da wëll ech drop hiweisen, datt déi Diskussioun iwwert d'Negativsteier schonn en zolitte Baart huet an eiser Gesellschaft. Well ech ka mech erënneren, datt mer bal bei all Mindestlounerhéijung, déi mer an dësem Parlament an deene leschte 15 Joer - zumindest déi 15 Joer, bal 15 Joer, wou ech elo hei sinn - diskutéiert hunn, ëmmer erëm déi Diskussioun komm ass vun enger Negativsteier a gesot ginn ass, et misst een endlech analyséieren a wéi enger Form een déi kéint aféieren.

Ech muss och soen, et ass e bëssen aarmséileg, wann ech da feststellen, datt am Joer 2000 - an doriwwer eraus déi Joren dann duerno - d'Regierung näischt Besseres fäerdeg bruecht hu fir ze soen: Mir mussen dann elo erëm eng Kéier kucken, eng Studie an Optrag ze ginn, fir ze kucken ob dat machbar ass. Mir hate jo an der Kommissioun och vill Diskussioune mam Aarbechtsminister, awéifern datt de Mindestloun sech eegent als Instrument fir Verdeelungsgerechtegkeet an der Gesellschaft ze suergen, fir eben ze kucken, datt déi Leit, déi bei der Verdeelung vum Räichtum an eiser Gesellschaft schlecht ewech kommen, nämlech déi heite Kategorie, ob duerfir d'Mindestlouninstrument dat gëeegentst ass. An de Minister huet gemengt, dat wär net dat gëeegent Instrument. Et misst ee sech anerer sichen, an duerfir wär déi Studie iwwert d'Negativsteier an Optrag gi gi vun der Regierung.

Ech hunn deemools an der Kommissioun gesot, an ech bleiwen och haut bei där Meenung, datt dat e bësse wéi e schlechte Witz geklongen huet fir mech, well et wäert jo awer elo keen eis wëlle wäis maache kommen heibannen, datt, nodeem mer all eis Cartouchë verschoss hunn am Joer 2000, an eng Richtung, wéi ech virdru gesot hunn, zu Gonschte vu Leit, déi eigentlech vill manner et néideg gehat hätten, an elo d'Finanzsubstanz vum Stat op wackelege Féiss steet, elo grad haut mer an d'Situatioun géinge kommen, an deenen nächsten zwee Joer, an dat géingen nohuelen, wat mer 2000 verpasst hunn. Dat ass awer elo wierklech blanken Zynismus fir mech an dorunner gleeft wierklech, jiddefalls menger Meenung no, eeschthaft kee Mënsch. Och net de Minister, an och net dës Regierung.

Ech behaapten, datt duerfir déi Diskussioun, fir aner Instrumenter ze sichen, ausserhalb vum Mindestloun, fir deene Leit mam Mindestloun, fir deene Kategorië vu Leit, déi ënnert de Mindestloun falen, ze hëllefen, deenen ënnert d'Äerm ze gräifen, dat mat Sécherheet an deenen nächsten zwee, dräi Joer, sou wéi d'Konjunktur nach haut ass, keen Thema wäert sinn. Dat hätt ee misse maachen an Zäiten, wou et gutt geet. An dat weess d'Regierung och. Duerfir ass dat mat Sécherheet blanken Zynismus, fir dat elo grad ze behaapten.

Ech muss och soen, datt et sécherlech richteg ass, datt et elo an dëser Situatioun, wou mer elo am Moment sinn, natierlech geféierlech wär fir ze soen, mir ginn einfach hin a mir setzen d'Proposition de loi vum Här Lux ëm, esou wéi hie se virun enger längerer Zäit - muss een awer éierlechkeetshalwer och soen - erabruecht huet. Wann en hei de Prozess gemaach kritt vun eenzelne Leit, e wär irresponsabel, da muss een awer soen, datt déi Proposition de loi zu engem Zäitpunkt och nach gemaach ginn ass, wou d'Konjunkturlag insgesamt anescht war, datt et elo am Moment psychologesch sécherlech net de gëeegente Moment wär fir op ee Coup déi Erhéijung ze maachen op den 1. Januar 2003.

Ech mengen, et ass och dat, wat d'Grënn sinn, wann ech d'Explikatioune richteg gelies a verstanen hunn, déi den Här Lux hei ginn huet, firwat en op de Wee gaang ass fir ze soen - och wann ech verstinn, firwat mir dat do aus psychologesche Grënn de Moment, wéinst der gesamter Konjunkturlag, elo net kënne maachen -, dass een dann awer wéinstens kéint en Zeeche setzen, andeems een eng zweet Etapp haut scho virgesäit fir d'Erhéijung vum Mindestloun, sou wéi en dat a sengen Amendementer proposéiert huet an déi Amendementer och duerfir esou eraginn huet.

Ech muss och soen, dat sinn Amendementen, déi mir op alle Fall sympathesch fannen als Gréng, well mer der Iwwerzeegung sinn, datt se responsabel sinn, well se effektiv gewëssene Saache Rechnung droen, déi ech virdru gesot hunn, an awer och dem Aspekt Rechnung droen, datt mir haut an enger anerer Situatioun sinn.

Wann ech dann awer héieren, dass hei Leit erop kommen a mir ziele kommen, dat wär net seriö, well mir hätten eis engagéiert zu enger moderater Loun- a Gehaltspolitik an deenen nächste Joren, da wëll ech éischtens drop hiweisen, an deene Leit rappeléieren, dass d'Mindestlounerhéijung souwisou eng Erhéijung ass, déi mat zwee Joer Verspéidung gemaach gëtt. Dat heescht déi baséiert op enger Situatioun vun der Lounentwécklung, wou aner Leit scho laang dovunner profitéiert hunn. Zweetens wäerte mir jo awer och bei den normale Léin an deenen nächsten dräi Joer net stoe bleiwen.

Ech wëll drop hiweisen, dass mir hei an der Chamber à l'unanimité zwar, mä ëmmerhin op Initiativ vun der Regierung och eppes gemaach hu fir d'Loun- a Gehaltspolitik, nämlech am öffentleche Secteur, wou mir iwwert déi nächst dräi Joer, dat heescht bis 2005, 4,8% Lounerhéijung décidéiert hunn. Dofir, wann een deen Term «moderat Loun- a Gehaltspolitik» an de Mond hëlt, da muss ee sech awer fir zwee Su konsequent sinn, wann een dat an deem Sënn versteet, wéi vereenzelt Riedner dat hei verstanen hunn, dass een elo bei de Mindestlounverdénger näischt soll maachen.

Dann hätt een dat och missten uwenden, zumindest an deem Secteur, wou de Stat als Arbeitgeber responsabel ass. An dann hätt een dat net dierfe stëmmen. Dann hätt ee misse mat Nee stëmmen, wéi dat hei décidéiert gouf oder et hätt een zumindest missen dann elo versichen, am Kader vun de Budgetsdebatten dofir ze suergen, dass de Budget esou amendéiert gëtt, dass déi Loun- a Gehaltserhéijung, déi do virgeholl gëtt, erëm a Fro gestallt gëtt.

Mir hunn dat net gemaach, mä den Här Bettendorf hunn ech och net héieren dat hei maachen. Dofir sinn ech erstaunt driwwer, dass hien dann awer hei vu moderater Louna Gehaltspolitik schwätzt, wann et ëm déi Leit geet, déi wierklech am mannsten an eiser Gesellschaft hunn. An dat ass fir mech dofir en Argument - wéinst deene Grënn, déi ech gesot hunn -, dass dat absolut net akzeptabel ass.

Fir eis als Gréng ass et kloer: Mir wäerten dëst Gesetz hei stëmmen, obscho mir der Meenung sinn, dass et effektiv fir déi Leit, déi betraff sinn, an an där schwiereger Situatioun, wou mir am Moment sinn, nëmmen eng Drëps op e waarme Steen ass, déi sécherlech net dozou bäidréit, dass déi Leit elo kënne vu Freed aus dem Käfeg sprangen an deenen nächste Méint. Et geet wierklech just duer, fir dass déi Leit net ganz ënnert d'Rieder geroden, zemools wann et sech géif ofzeechnen, dass d'Konjunktur an d'Wirtschaft insgesamt an deenen nächste Joren nach méi lues géifen dréinen, mat alle Konsequenzen, déi dat da wäert hunn - an dat hunn ech jo och gëschter hei behaapt beim Budget - fir aner Beräicher vun der Sozialpolitik vum Stat.

Mir wäerten awer d'Amendemente vun der LSAP stëmmen, well mir fannen, dass si déi richteg Zeeche setzen an där Situatioun, wou mir eis haut befannen. Domadder wär ech um Enn ukomm, Här President. Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech wëll direkt soen, dass ech dat Gesetz hei stëmme wäert, wat ech en

normaalt Gesetz fannen. E Gesetz, wat iwwerfälleg ass a wat gutt begrënnt ass.

Wann ech déi méi wäit gehend Iwwerleeungen, déi hei gemaach gi si vum Här Lux, duerno vum Här Jaerling a vum Här Bausch deelen, dann ass et well ech och gesinn, dass de Mindestloun, wann een hie vergläicht mam Duerchschnëtt vun de Léin an eisem Land, nach relativ bescheiden Ausmoossen huet. Och wann een déi absolut Montante gesäit muss een doraus schléissen, dass de Mindestloun och an nächster Zäit nach wesentlech muss erhéicht ginn.

Ech mengen allerdéngs net, esou wéi den Här Jaerling virdru gesot huet, dass et elo wichteg wär, fir ze kucke vu wat fir enger politescher Säit déi Propositioun do kënnt, oder ob se net hätt éischter kënne gemaach ginn? Ech mengen, dass et deene Leit, déi vun där Augmentatioun géife profitéieren, zimlech egal wär, wa se géif esou duerchgefouert ginn, wéi se virgeschloe ginn ass.

Ëmsou méi bestätegt ginn ech a menger Haltung zu deem Projet hei, wann ech de Rapport conjoint vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers liesen. D'Grondphilosophie, wann ee vu Philosophie iwwerhaapt ka schwätze bei deem Avis, besteet jo doranner, dass déi Chamberen eng zweete Kéier, wéi d'lescht Joer, wou jo awer nach all Chifferen no uewe gewisen hunn, d'Afréierung, wann net souguer d'Ofschafung vum Mindestloun fuerderen.

Dat Ganzt berout op deem simplen, awer falsche Postulat, dass déi wirtschaftlech Interessen identesch wiere mat den Interesse vun de Besëtzer vun de Betriber. Wa Leit hei wëllen am Numm vun der Gesellschaft Wirtschaft féieren, den Intérêt général also wëlle vertrieden, da stellen ech mer awer d'Fro, ob dat dann zu näischt verflicht?

Ech wëll dat mat där Feststellung verbannen: Et gëtt jo eng Hellewull vun Zuelematerial, wat d'Entwécklung vun de Léin, vun der Sécurité sociale, vun de Sozialleeschtungen, vun de staatlechen Einnahmen an och den Ausgaben ugeet - de Stat ass esou transparent, wéi nach ni virdrun -, et gëtt awer ganz séier wéineg Material, Här President, iwwert d'Entwécklung vun de Benefisser, iwwert d'Verhältnis vun de Benefisser zu de Léin, zu de Sozialleeschtungen an zu de Stats- a Gemengenausgaben! Dat ass dat bescht gehütent Geheimnis, wat et zu Lëtzebuerg gëtt. Dat ass och de Fong vum Steiergeheimnis. De Sënn dovunner ass, fir déi Besëtzend ze schützen.

Der Chambre des Employés privés ass an der Vergaangenheet schonn e puermol de Mérite zoukomm, dass si versicht huet e bësse Klorheet an déi Zuelen do ze bréngen. Dofir ass et och ze bedaueren, dass dee Bericht nach net virläit. Et gëtt zwar äusserlech Zeechen, déi op de Räichtum hindeiten, deen et an eisem Land gëtt. Et brauch ee sech nëmmen déi Palaise vun de Banken unzekucken an et vergläicht een zum Beispill déi Wäerter, déi doranner materialiséiert sinn, mat de Léin vun de Convoyeurs de fonds, déi all Dag d'Suen transportéieren zu de Banken. Da gesäit een, dass déi Leit e bësse méi wéi de Mindestloun nëmme verdéngen.

Den Här Lux hat d'lescht Kéier bei der Erhéijung vum Mindestloun - ech hat dat nogelies - vu Yachte geschwat, déi vill Lëtzebuerger Entrepreneuren am Mëttelmier an och soss am Ausland hunn. Vill Räichtum geet effektiv iwwert d'Grenzen eraus an entzitt sech domat eise Blécker. Duerfir fält och d'TVA esou niddereg aus, trotz deene massive Steiersenkungen, wou ee jo hätt kënnen unhuelen, dass déi alleguerte géifen a Konsum ëmgesat ginn. Ech fannen et ënnert deene Bedéngungen eng Indécence, wann ee Léin vu 60.000 Frang eng onzoumuttbar Belaaschtung fir d'Ekonomie nennt. An enger Situation économique précaire gëtt gesot wiere mir dran.

Ech mengen, dass dës Fro vum Mindestloun net ausschliesslech eng Fro vu sozialer Gerechtegkeet ass vis-à-vis vun deene Schwächsten an der Gesellschaft, mä dass si effektiv och eng ekonomesch Fro an engem breede gesellschaftleche Sënn ass. D'Propriétéit vum Kapital berechtegt jo dozou, iwwer en Deel vun der Wirtschaft ze verfügen. Wann awer eleng d'Marge bénéficiaire, wéi deen Avis vun deenen zwou Chamberen et formuléiert, zielt, da sinn déi Aktionäre jo all politescher Kontroll entzunn. Da kënne si hir Aktien op der Bourse kafen a verkafen, ouni all Rücksichten ze huelen op déi sozial an ekologesch Konsequenzen, déi normalerweis bei enger kohärenter Wirtschaftspolitik miste berücksichtegt ginn.

Dobäi kënnen och wirtschaftlech Wäerter an engem ganz grousse Moossstab zerstéiert ginn. Et ass vun 8.000 Milliarde geschwat ginn, déi an engem Joer op de Bourssë verpolvert gi sinn. Den Här Statsminister huet déi Zomm genannt. Ech froen lech: Wéi vill Mindestléin kéint ee mat esou enger Zomm finanzéieren, wann een héiert, dass de Coût vun där heiter Mindestlounerhéijung bei 2 Milliounen Euro läit?

An der Debatt iwwert d'nohalteg Entwécklung huet zu Recht den deemolege Rapporteur, den Här Calmes, drop higewisen, dass d'Ausbeutung vun der Natur net kéint zum Nulltarif geschéien, well soss keng nohalteg Entwécklung méiglech wier. Mat därselwechter Konsequenz muss och d'Erlaabnis, fir Aarbechtskraaft anzesetzen, eiser Meenung no gebonne ginn u gewëssen Obligatiounen. Ëmsou méi, well et hei nieft der intakter Ëmwelt och nach ëm déi intakt mënschlech Bezéiunge geet. Esou verstinn ech och déi Ausso am Rapport iwwert d'Unerkennung vun der Aarbecht als Valeur fondamentale an eiser Gesellschaft.

Wann een d'Mindestlounemfänger der Chambre de Commerce hirer Logik géif iwwerloossen, da wiere se just nach eng Wuer, déi dem Despotisme de la fabrique iwwerlooss wier, wéi dat am 19. Jorhonnert geheescht huet. Et wier effektiv e Réckgang an dat 19. Jorhonnert. Et ass schonns grotesk, wann ee liest d'Würd vun de Lounofhängegen wär ugetaascht duerch déi Amëschung vun der Politik an d'Festsetzung vun de Léin. Ech zitéieren dee Saz: «Elles se demandent» - les chambres - «en outre comment l'immixtion étatique dans la politique salariale pourrait être interprétée comme une mesure tendant à assurer la dignité du travailleur?», froe sech déi Hären. Ech mengen au contraire, dass et och d'Aufgab vun der Politik ass, d'Lounentwécklung an e gewësse Kader ze setzen, deen iwwregens net beschränkt muss sinn op de Mindestloun.

Ech wëll do uknäppen un déi Iwwerleeungen, déi och den Här Jaerling gemaach huet iwwert d'allgemeng Lounpolitik, iwwert d'Stellung vum Loun an eiser Gesellschaft. Zum Beispill kéint ee sech eng Aart universelle Lounstatut virstellen, deen d'Qualitéit als Aktiven an der Gesellschaft unerkennt, och wann een net schafft, well d'Gesellschaft zum Beispill engem keng Aarbecht ka ginn, oder wann ee sech weiderbilt oder wann ee Kanner erzitt, oder zum Beispill wann een als Jugendlechen nach eng Ausbildung mécht. A mer mussen och deene Leit, mengen ech, d'Gefill ewech huelen, dass se ënnert der Tutelle an ënnert der Kontroll vum Stat stinn. Well mer musse wëssen, dass et entwürdegend ass op d'Aarbechtsamt ze goen, dass et entwürdegend ass den RMG ze kréien a sech enger gewësser Kontroll dobäi ze ënnerzéien.

De Vertrieder vun 'déi Lénk' huet bei der Debatt 2000 iwwert déi lescht Erhéijung vum Mindestloun hei gesot: „De Mindestloun ass de Kollektivvertrag vun deenen, déi kee Kollektivvertrag hunn". An ech mengen, dat ass d'Situatioun effektiv, wéi se sech presentéiert.

Här President, villes wat hei gesot ginn ass, zur Verteidegung vum Mindestloun, deelen ech voll a ganz. Ech wäert och dat Gesetz hei stëmmen, ech hunn et scho gesot, ech wäert och den Amendement Lucien Lux zu deem Gesetz hei stëmmen.

Zum Schluss vu menger Ried wëll ech awer dat heite soen: Et muss ee besonnesch deene klenge Patrone soen, och déi aus dem Horescasecteur zum Beispill, an net nëmme bei deem heite Gesetz, mä och bei deem nächste Gesetz wat elo kënnt, iwwert d'Durée du travail an deem Secteur: Dir braucht motivéiert Mataarbechter, also Leit, déi gutt Aarbechtsbedéngungen hunn, a gitt hinnen net d'Schold un Ären eventuelle finanzielle Problemer.

An ech mengen, et muss eng aner Mëttelstandspolitik hier, déi déi kleng Betriber ënnerstëtzt, zum Beispill aus dem Surplus vun deene groussen a gréisste Betriber, déi an dësem Land nach ëmmer massiv Geld verdéngen.

Mä eng Ëmverdeelung ze verlaangen, op Käschte grad vun Äre Mataarbechter, vun Äre schlecht bezuelte Mataarbechter, dat ass eng relativ schappeg Attitude, déi Är ganz Professioun net grad honoréiert. Domat wär ech fäerdeg.

**M. le Président**.- Den Här Lucien Lux huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

**M. Lucien Lux** *(LSAP), auteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen. Ech wollt just ganz kuerz dem Rapporteur an och dem Minister merci soe fir déi Attitude, wéi mer virdrun an och haut deen Débat gefouert hunn, an och soen, dass mer natierlech eisen Amendement wäerten ënnerstëtzen - dat schéngt mer kloer ze sinn -, mä och d'Gesetz, déi 3,5%, wäerte stëmmen.

Mä ech wollt virun allem op eng Behaaptung zréckkommen, déi elo wéi vill Mol vun eenzelne Riedner gemaach ginn ass, fir ze soen, déi extraordinär Augmentatioun vu 7,5%, déi mer deemools 1991 gemaach hunn, hätt näischt mat de Steiererliichterungen ze di gehat, dat wär reng Methodologie gewiescht. Dat huet de Rapporteur gesot, dat huet och de Kolleeg Bettendorf vun der DP gesot, dofir wëll ech awer nach eng Kéier, Här Minister, d'Konklusioune vum Exposé des motifs vun 1991, esou wéi den deemolegen Aarbechtsminister, Jean-Claude Juncker, se eragereecht huet, zitéieren.

Ech huelen dat ëmmer eescht, wat Dir der Chamber als Exposé heihinner leet. Dat ass vläicht mäi Feeler, dass ech dat eescht huelen, mä deemools…

***(Interruption)***

…an de Konklusioune vum 14. Januar 1991 - Här Glesener, lauschtert ee fir allemol, an da soen ech et ni méi - do steet dran: „Un relèvement du salaire social minimum est par ailleurs à considérer comme mesure sociale, accompagnant la récente réforme fiscale dans le cadre de laquelle les titulaires du salaire social minimum constituent une des catégories de personnes proportionnellement moins favorisées que d'autres".

Hei steet also am Exposé des motifs vun der Regierung 1991 ganz kloer dran, dass déi extraordinär Augmentatioun, déi mer do gemaach hunn, sécherlech och eng Fro vu Methodologie war. Mä de Kontext war och dee vun de Steiererliichterungen, fir deene Leit ënnert d'Äerm ze gräifen, déi bei de Steiererliichterungen eidel, oder de facto eidel, ausgaange sinn. Ee fir allemol waren dat d'Konklusioune vun der Regierung.

**M. le Président**.- De Berichterstatter, den Här Marcel Glesener huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

**M. Marcel Glesener** *(CSV), rapporteur.*- Jo, Här President, ganz kuerz zu deem, wat den Här Lux elo gesot huet. Ech hunn dat och a mengem schréftlechen, a virun allem am mëndleche Rapport awer däitlech gesot. Ech wëll dann nach eng Kéier kuerz op dat zréckkommen, wat mer deemools virum 1. Abrëll 1991 diskutéiert hunn.

Den ausschlaggebenden an Haaptgrond, fir déi 7,5% Erhéijung vum Mindestloun ze maachen - dat war eenzeg an eleng den Haaptgrond - war d'Opfänke vum Nachholbedarf vun 1986 un; dat war d'Argument. An da fuere mer an der Zukunft ëmmer esou weider.

Mä mir hunn awer subsidiaresch, fir dem Drock entgéint ze wierke vun deenen, déi sech géint deen integralen Nachholbedarf ausgeschwat hunn, gesot: Da lauschtert emol, et gëtt awer nach ee subsidiaresche Grond, fir dat doten ze rechtfertegen, an dat waren déi Steiererliichterungen. Mir hunn awer net gesot, datt wann eng Steiererliichterung kënnt, automatesch och d'Mindestléin missten deementspriechend ugepasst ginn, oder erhéicht ginn, oder ech weess net wat. Mä dat war guer net d'Argument.

A mir sinn an der Logik vun 1991, och dëst Joer 2002, wou mer gesot hunn, den Ajustement vun de Mindestléin ass d'Folleg vun der Lounentwécklung, an et soll dat och nëmme bleiwen. An dat huet näischt mat steierlechen Erliichterungen ze dinn.

An ech soen lech ofschléissend nach eppes: Mir ginn op e ganz geféierleche Wee - a gleeft mer wat ech lech elo soen, dat soen ech aus enger laangjähreger Erfahrung -, wa mer ufänken iwwer e wesentlecht Fundament vun der Ajustementspolitik ze diskutéieren, a permanent Argumenter siche ginn, fir iwwert déi Lounentwécklung eraus d'Mindestléin ze ajustéieren, ze erhéijen, soen ech lech, Kolleeginnen a Kolleegen. Da begi mer eis op ee Wee, wou et net méi sécher ass, ob mer a fënnef oder an zéng Joer iwwerhaapt nach en Ajustement vu Mindestléin hei kënne beschléissen. Gleeft mer dat. Hënn déi schlofe soll een net waakrech maachen.

***(Interruption)***

Jo, jo.

***(Brouhaha général)***

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, elo kënnt en Hond dee waakrech ass, an ech hunn och ganz waker Är Debatten hei nogelauschtert. Ech mengen et gouf ganz vill gesot, ganz vill argumentéiert an ech wäert och dofir wierklech net op alles agoen, well et ass deem net vill bäizefügen.

Ech wëll och haut an deem Sënn dem Marcel Glesener als Rapporteur merci soe fir säi schréftlechen, a virun allem och säi mëndleche Rapport, wou en nach eng Partie Antécédanten erabruecht huet, déi awer, mengen ech, ganz gutt gesot sinn - fir e bësselchen den Historique ze maachen. Et kann een net iwwert d'Mindestlounentwécklung schwätzen, wann een net och den Historique mécht.

Ech wëll eigentlech siwe kleng Remarquë maachen. Déi éischt ass déi, dass ech ganz frou sinn - wéi och scho virun zwee Joer - hei virun enger Chamber ze stoen, wou et eigentlech eng Unanimitéit gëtt, fir dass de Mindestloun soll eropgesat ginn. Dat war net ëmmer esou. Mir wäre jo zum Beispill frou gewiescht wann haut den Här Mehlen hei gewiescht wär, en hätt den Här Jaerling haut héieren, an en hätt sech u seng Riede vu fréier erënnert.

Mä et war net ëmmer esou an et ass och bestëmmt net am Ausland esou. Am Ausland ass eng Mindestlounerhéijung eng ganz schrecklech Debatt an der Chamber. Hei ass se fir mech net schrecklech, well hei scho jiddfereen d'accord ass, fir dat, wat d'Regierung proposéiert, just eben, dass der der Meenung sinn, et misst een nach méi wäit goen.

Eng zweet Remarque ass allerdéngs déi, dass mer eis awer hei och solle bewosst sinn - mat aller Freed, déi ech doriwwer hunn, dass dës Chamber esou ass, wéi se ass -, dass mer dobaussen e klengen Ënnerscheed hunn tëschent dem Pays légal, dee mer duerstellen, an engem groussen Deel awer vu Pays réel.

Bei grousse Kreeser, a Wirtschaft, besonnesch d'klengt Handwierk, kënnt dat dote wat mer maachen net gutt un. Dat soll keng Ursaach sinn, fir et net ze maachen. Mer maachen et, mä et muss ee wëssen, dass dat heiten dobaussen aneschters kommentéiert gëtt. An ech hunn dat jo och selwer gutt erfuer, mat deenen Diskussiounen, déi ech mam Patronat hat; dat ass net nëmmen al Ideologie déi kënnt. Et sinn och Leit do, déi manifest Angscht hunn, d'Wirtschaft, respektiv hir Betriber, kéinten heidrënner leiden.

Mir hunn eng ganz Partie vun Iwwerleeunge gemaach, Zuelematerial zesummegesammelt, fir ze soen, dass dat makroekonomesch bestëmmt net de Fall ass. Ech kann awer kengem falsch maachen, dee mer seet: Lauschter, ech hunn e Betrib vu sechs Leit, déi mam Mindestloun bezuelt ginn a fir mech ass de Méikäschtepunkt net 0,21%, well jo dann och nach d'Charges patronales derbäi kommen, mä iwwer 3,5%. Dat muss een einfach wëssen, an et muss een och wëssen, dass dat heiten eng Mesure ass, déi haaptsächlech d'Wirtschaft dobausse muss bezuelen, ier de Stat bezilt.

Ech wëll och hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir mech ze entschëllege fir e klenge Feeler, deen am Exposé des motifs ass. Ech soen dat hei zwar elo net als Entschëllegung, mä, vu dass ech e klenge Staff vu Leit hunn, war ech drop ugewisen - déi Woch wou ech och hu missten am Stress dee Projet de loi fäerdeg maachen an deponéieren, a fir dann net méi Zäit ze verléieren, wéi mer der scho verluer haten -, dass ech dee Projet de loi selwer geschriwwen hunn an dann och selwer geklappt hunn. An do wou ech de Käschtepunkt fir d'Privatwirtschaft geschriwwen hunn, ass eng 4 verluer gaangen; dat sinn nämlech net «2 millions», mä «24 millions».

Ech soen lech och nach eng Kéier d'Rechnung, wéi ech se gemaach hunn. De Mindestloun geet pro Mount ëm 46,27 Euro an d'Luucht,…

***(Interruption)***

…ech hunn 12,5% Soziallaschten, dat sinn déi normal fir d'Aarbechter. D'Privatbeamte sinn der manner, mä dofir hunn ech d'Assurance-accidents-Käschten net mat berechent. An ech hunn dat mat 37.020 Leit multiplizéiert. Dat gëtt net grad 2 Milliounen Euro de Mount a 24 Milliounen Euro am Joer; an do ass déi 4 déi feelt. Voilà. An dat wëll ech dann hei riichtstellen, an ech hoffen, dass Der mer do net nodroend sidd, dass ech mech do verklappt hunn.

***(Brouhaha général)***

Eng Remarque, op déi ech awer nach wëll agoen, déi och schonn hei oft gesot ginn ass, dat ass, dass et eng ganz Partie Beräicher an der Wirtschaft gëtt wou natierlech de Mindestloun keng Roll spillt. Et gëtt dofir aner Beräicher, wou de Mindestloun schonn eng Roll spillt: Horesca a Commerce.

Richteg ass, wat den Här Lux gesot huet, dass dat Beräicher sinn, déi op Grond vun deene leschten Zifferen déi mer hunn - mä déi allerlescht hu mer net an ech weess net ob déi allerlescht nach esou gutt sinn -, Horesca a Commerce, Wirtschaftszweiger zu Lëtzebuerg sinn, déi Wuesstem hunn. Bei dem Horesca muss een allerdéngs déi Zuele vum éischte Semester 2002, déi Dir genannt hutt, Här Lux, mat Virsiicht genéissen. Déi sinn nämlech gerechent par rapport zum zweete Semester 2001, wou d'Horesca awer ganz staark ënnert dem Abroch vum 11. September gelidden huet. Et war also schonn normal, dass am zweete Semester 2002 d'Horesca méi séier do erëm Wuesstem bäigeholl huet, wéi dat virdrun de Fall war.

Richteg ass, dass déi Secteuren, op Grond vun deene leschten Zifferen, gutt fonctionnéieren. Ech mengen, dat si Secteuren, wou och dauernd Leit gesicht ginn. Wat ee sech awer muss bewosst sinn, dat ass, dass déi Moossnamen, déi mer haut stëmmen, an ech huelen och dat Gesetz, wat mer nach am Laf vum Dag huelen, nämlech d'Aarbechtszäiteregelung am Horescaberäich, awer doudsécher do leie kënnen - do hunn déi zwou Beruffskummere Recht, dat ass richteg -, dass déi dozou féiere kënnen, dass d'Präisser an deem Secteur einfach an d'Luucht ginn. Dat musse mer eis bewosst sinn, besonnesch déi, déi gären iessen an drénke ginn.

Wat den Emploi ubelaangt, wou déi zwou Beruffskummere grouss Ängschten hunn, den Emploi géif zréckgoen, deelen ech déi net. Engersäits: Wéi kann den Emploi zréckgoen, wann de Mindestloun ze héich ass? Engersäits doduerch, dass net qualifizéiert Aarbechten outgesourced ginn. An do mengen ech, dass d'Struktur vun der Wirtschaft esou ass, dass net elo nach zousätzlech Saachen outgesourced ginn.

Et ass evident, dat musse mer eis bewosst sinn, an dat huet awer fir mech näischt mat der Erhéijung vum Mindestloun ze dinn, mä et muss ee sech bewosst ginn, dass natierlech ëmmer erëm versicht gëtt, déi net qualifizéiert Aarbechtsplazen duerch Automatiséierung, duerch Informatiséierung einfach verschwannen ze doen. Déi Zukunft geet weider, dat heescht Leit, déi keng Qualifizéierung hunn, hunn et an Zukunft nach méi schwéier, fir Aarbechtsplazen ze fannen, well déi Aarbechtsplaze verschwannen.

Ech mengen awer net, dass d'Erhéijung vum Mindestloun selwer hei elo géif, vun haut op muer, Aarbechtsplaze verschwannen doen. An dat, wat ee ka vun auslänneschen Etüde liesen, seet eis och dass dat net esou de Fall ass.

Drëtt Remarque: Fir eis huet de Mindestloun e Grondwäert, nämlech deen, dass d'Aarbecht net nëmme Fonctioun ass vun Offer an Demande um Aarbechtsmaart, mä eng Aarbecht muss e minimalen absolute Wäert hunn, deen doriwwer läit. An do si mer och als Regierung fundamental géint der Chambre de Commerce a géint der Chambre des Métiers hire gemeinsamen Avis, deen dat a Fro stellt. Dat ass jo do, wou eisen Exposé des motifs am meeschten ugegraff gëtt. Mä dat ass esou, de Mindestloun steet driwwer.

A Lëtzebuerg ass net midd ginn, a gëtt och an Zukunft net midd, dofir ze kämpfen, dass mir iwwerall an Europa sollen déi Mindestléin kréien. Déi Mindestléin mussen a jiddfer Land ugepasst sinn.

Ech kommen op eise Mindestloun zréck. Eise Mindestloun ass deen héchste vun alle Mindestléin an Europa. Wann ech dann - an ech kommen nach eng Kéier dorop zréck - de Verglach huele vun der Héicht vun eisem Mindestloun par rapport zu den allgemenge Léin, dann ass natierlech eise relativ niddereg an Europa. Also alles ass do relativ. Mir kämpfen och an Zukunft weider drëm, dass all Land e Mindestloun huet.

Mir sinn dogéint, dass ee seet: Beim Mindestloun gëtt nëmmen d'Produktivitéit gekuckt, a wann e muss falen, da fält en erof. An dann ass et nach just un der Ëmverdeelungspolitik, un der Sozialpolitik fir do nom Rechten ze kucken an dat ass eng Philosophie, mat där wäert ech mech mäi Liewe laang net ufrënnen. An ech wäert mäi Liewe laang fir dat kämpfen, wat ech hei gesot hunn.

Da kommen ech op de Punkt vun der Valeur absolue vum Mindestloun. Mir sinn eis all eens, fir ze soen, de Mindestloun ass eng Valeur. Mä fir se dann ze chiffréieren, ginn d'Meenunge selbstverständlech auserneen. Mir hunn am Exposé des motifs geschriwwen, dass ee sech soll Gedanke maachen, wéi de Mindestloun sech soll positionéiere par rapport zu - sécher - der Produktivitéit, mä net nëmmen der Produktivitéit, och par rapport zu dem mëttleren Akommen a par rapport zur Aarmuttsgrenz. Eng Aarmuttsgrenz, déi no den europäesche Standarde 40% vum Mëttelakommes ausmécht.

Wann ech déi Tabell, déi mer och am Exposé des motifs zitéiert hunn, huelen, wat eng Tabell ass aus dem Buch 'Tarifpolitik in Europa 2001-2002' vum WSI aus Däitschland, déi seet, dass a Frankräich de Mindestloun am Joer 2000 49% ausgemaach huet vum Salaire moyen, an England 37%, zu Lëtzebuerg 42%, an Holland 44%, a Portugal 57%, a Spuenien 34%, an der Belsch 39% an a Griichenland 41%, da leie mir also do zimlech an der Mëtt. Mä dat ass eng Zuel, wou ee gesäit, dass een net eleng déi Zuel kann huele vun der absoluter Héicht vun eisem Mindestloun.

Mir hunn och dofir an der Regierung virgeschloen, a mir sinn eis och am Kader vun der leschter Tripartite an deem do Sënn eens ginn, dass d'Regierung dat mécht, wat de CES a sengem Avis iwwert d'Roll vum Stat virgeschloen huet. Nämlech eng Etüd iwwert de Mindestloun a seng Effeten op den Emploi.

An zwar soll déi Etüd engersäits kucke wat de Mindestloun bei der Distributioun vun de Gehälter bewierkt, a beim Revenu disponible vun de Stéit. An an engem zweeten Element soll dee Rapport studéieren, wéi de Mindestloun sech op d'Kompetitivitéit vun der Wirtschaft an och op den Aarbechtsmaart auswierkt. An do geet et ebe mat de makroekonomesche Studien, déi mer well gemaach hunn, net duer; et muss een och déi mikroekonomesch Studie kënne maachen. Et muss ee kënnen a Betriber Fallbeispiller maachen; an dofir brauche mer och déi Centrale des bilans, e Projet dee jo och um gudde Wee ass.

Fënneft Remarque, an do soen ech eppes wat hei den Här Bettendorf gesot huet: Mindestlounpolitik ass keng Familljepolitik. An ech wëll drun erënneren, dass mer 1994 hei - an ech menge mir waren unanime - de Mindestloun, fir Familljen, Päpp oder Mammen, ofgeschaaft hunn, just aus deem Grond, well mer gesot hunn: Lounpolitik ass Lounpolitik, a keng Familljepolitik. D'Mindestlounpolitik huet eng Auswierkung op d'Sozialpolitik, a kann och eng Auswierkung op d'Familljepolitik hunn, a si soll och an deem Feld gekuckt ginn. Mä Mindestlounpolitik kann net eleng Sozialpolitik sinn a kann net eleng Familljepolitik sinn.

An dofir muss een och ëmmer erëm rechnen, well wann een déi Zifferen hëlt - ech mengen déi Beispiller vum Här Lux a vum Här Jaerling, ware ganz plastesch, ech kennen där do och ganz vill - muss een natierlech och, wann ee rechent, een Eenzelnen huelen, a keng Famill. Well an der Famill komme mer an d'Ëmverdeelungspolitik dran. Mir sinn e Land, wat ganz vill Wäert op d'Ëmverdeelungspolitik leet. An och an Zukunt wäerte mer déi Ëmverdeelungspolitik analyséieren, mä mir mussen eng eenzel Persoun kucken. An do muss een de Mindestloun ëmmer par rapport zum RMG kucken.

Den RMG huet u sech déi Fonctioun, fir ze soen, wat ee mindestens brauch. An dat ass eng Fro, déi een dann och eng Kéier muss diskutéieren. Ass den RMG héich genuch oder net? Mä ech wéilt awer drun erënneren, dass, wéi viru 15 Joer den RMG agefouert gouf, Studien iwwert d'absolut Héicht wat en RMG sollt hu gemaach gi sinn.

Mä déi Diskussioun sinn ech gäre bereet ze féieren, eben am Kader vun deenen Etüden, déi nach ausstinn. Mir hunn dann och eng Etüd vum CEPS iwwert d'Ëmverdeelungspolitik bei de Familljen, déi u sech no där RWI-Etüd kënnt, iwwert déi ech effektiv ganz vill Kapitelen a mengem Budgetsrapport deemools geschriwwen hat.

Déi heiten Etüd vum CEPS stellt zum Beispill fest, dass bei deene wierklech aarme Famille 60% vun de Kannerlaaschten erëm duerch eis Ëmverdeelungspolitik kompenséiert gëtt. Déi Etüd seet awer och, dass et verschidde Leit am Land gëtt, déi u sech duerch d'Ëmverdeelungspolitik en negatiivt Geschäft maachen. Also wou et net null bleift, mä déi wierklech méi an d'Keess vum Stat bezuelen, wéi se iwwert d'Ëmverdeelung erauskréien.

Déi Etüd wäert also och deemnächst diskutéiert ginn. An dann ass et esou, dass d'Privatbeamtekummer amgaang ass eng Etüd ze maachen iwwert den Impôt négatif. An et ass och am Impôt négatif, wou mer och op déi dote Froen zréckkommen.

Iwwregens huet d'Privatbeamtekummer - also d'CES ass amgaang déi Etüd ze maachen - an hirem Avis, dee se hei zum Projet ofginn huet, drun erënnert, dass si déi éischt waren, déi dat doten thematiséiert hunn. An ech wëll hinnen och dofir hei dee Luef ginn, dee se verdéngen.

Nach eng Kéier: D'Mindestlounpolitik ass keng Familljepolitik, dofir ka se och net mat der Steierpolitik an deem Sënn verglach ginn.

Sechst Remarque: E Mindestloun fir Qualifizéierter, dozou wëll ech just ee Wuert soen. Et ass net esou, dass ausserhalb vum Stat, vum öffentlechen Déngscht, déi Leit, déi Handwierker sinn, nëmmen Hongerléin hätten. Et gëtt och am Handwierk verdéngt. Et kann ee sech och mat engem Meeschterdiplom selbstständeg maachen. Et gëtt schrecklech vill Industriebetriber, déi Handwierker sichen, déi Handwierker no Kollektivvertrag bezuelen, déi dauernd Problemer hunn Handwierker ze fannen. Ech wëll net pauschal iwwer d'Handwierk esou schwätzen.

Wat richteg ass, dat ass, dass natierlech e Jonken, dee sech fir d'Handwierk entscheet, deen dann tëschent 15 an 18 Joer huet, net kuckt, wat en herno verdéngt, dee kuckt an deem Moment d'Indémnité d'apprentissage. Dee kann effektiv verleet ginn, fir léiwer schaffen ze goe fir de Mindestloun wéi d'Indémnité d'apprentissage unzehuelen. A mir stellen och fest - mir hu jo zënter zwee Joer den Apprentissage des adultes -, dass mer do eng ganz grouss Nofro hunn, well do kréien d'Leit jo de Mindestloun. Dat ass fir mech eng reell Diskussioun, an et ass dem Här Clement seng Lieblingsdiskussioun. En huet se schonn oft genuch an dësem Haus ugefaangen. Doriwwer si mer bereet ze diskutéieren, mä et soll een net hei pauschal virgoen.

Da meng siwent a lescht Remarque: Dat ass déi vun der Propositon de loi Lux. Ech mengen, mir hunn dat gemaach, wouzou d'Motioun eis opgefuerdert huet. Mir hunn d'Argumenter vun der Proposition de loi Lux analyséiert. Mir kommen natierlech zu enger anerer Schlussfolgerung wéi den Auteur, mä mir hunn dat gekuckt. Virun allem hu mer dat vun de Steieren nogekuckt.

Ech wëll mech elo hei net driwwer eräiferen, a wat fir engem Exposé des motifs dat scho stong. An deem leschte Projet de loi, deen hei deponéiert gouf virun zwee Joer, stong dat och dran. Dofir streiden ech dat net of, dass mer dat esou gesot hunn. Ech soe just, mir hunn eis hei dës Kéier d'Méi gemaach, fir mat Berechnungsmodeller vun der Steierverwaltung dat nozevollzéien, an och gedanklech nozevollzéien. Mir sinn awer haut der Meenung, dass een net de Mindestloun kann huelen, fir do ze kompenséieren, wou Familljen net vu Steierreduktioune kënne profitéieren. Dat ass Ëmverdeelungspolitik, dat kann net d'Lounpolitik maachen. Dat ass dat, wat mer och hei solle wëssen an dofir solle mer déi Weeër goen.

Ech gesinn dat net esou wéi den Här Bausch, dass mer hei zynesch wären an net géifen op aner Weeër goen. Déi Etüde kommen. Déi ginn diskutéiert. Wat natierlech ass, wa mer an Zukunft solle méi enk, a musse méi enk wirtschaften, da soll een net nëmme schwätzen, wat ee ka vun neie Moossname schafen, da soll een och d'Effikassitéit vun ale Moossnamen a Fro stellen. Dat ass eng Saach, déi mer och doudsécher no deenen Etüde wäerte maachen, fir iwwer d'Ëmverdeelungsmechanismen zu Lëtzebuerg ze debattéieren. Do fannt Dir iwwregens an der RWI-Etüd och schonn Unhaltspunkter, fir ze froen, ob alles effikass ass, wat mer maachen?

An dann d'Fro: Kënne mer net aneschters ëmverdeele bei gläichgestalltem Budget? Dat ass net dem Aarbechtsminister seng Aufgab. Ech soen lech just, dass mer awer net solle mengen, d'Regierung géif elo hei iwwerhaapt näischt diskutéieren. D'Regierung géif hei Zynismus maachen. Dat ass net esou. An déi Etüden, déi ech hei ugekënnegt hunn, déi mer elo wëllen an Optrag ginn als Regierung op Wonsch vun dem Wirtschafts- a Sozialrot, déi wäerte mer maachen. Mir wäerten an zwee Joer, doudsécher eng Diskussioun hei kréien, wou mer nach kënne méi an den Detail goen.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5053 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Artikel 1 ass gelies.

Mir si mat engem Amendement 1 vum Här Lux zum Artikel 1 saiséiert. Deen Amendement läit schréftlech vir an ass explizéiert ginn. Mir kënnen also direkt driwwer ofstëmmen.

***Vote***

Déi fir den Amendement 1 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement ass ofgelehnt mat 39 Nee-Stëmmen, 19 Jo-Stëmmen an 2 Enthalungen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Marco Schroell), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling).*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera et Aly Jaerling.*

Den Artikel 1 ass an där Fassung ugeholl, wéi vun der Kommissioun proposéiert.

Den Artikel 2 ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert de ganze Gesetzesprojet of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Laurent Mosar), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Marco Schroell), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Théo Stendebach), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mir kéimen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4694, d'Ëmsetzung vun enger Direktiv iwwer den Détachement de travailleurs. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et sinn ageschriwwen: déi Hären Zanussi, Bettel, Jaerling, Bausch an Urbany. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener.

## 4. 4694 - Projet de loi portant

## 1. transposition de la directive 96/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 1996 concernant le détachement de travailleurs effectué dans le cadre d'une prestation de services;

## 2. réglementation du contrôle de l'application du droit du travail

***Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi***

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech versiche mech ganz kuerz ze faassen, well am Detail alles am schréftleche Rapport drasteet a jiddfereen, dee sech interesséiert, kann dat dann och ganz genau noliesen.

D'Zilsetzunge vun der Direktiv iwwert den Détachement vun Aarbechter, op Lëtzebuergesch nenne mer se Entsenderrichtlinn, déi sinn am Rumm vun der Fräizügegkeet a vun der Gläichheet vun allen EU-Bierger am EU-Raum fir déi Arbeitnehmer, déi net an hirem Heemechtsland schaffen, mä an deem Land, wou se schaffen, gülteg aarbechtsrechtlech Bestëmmungen ze garantéieren an dass och deen entspriechende Loun, sief dat dee gesetzlechen oder dee kollektivvertraglechen, ugewannt gëtt. Doriwwer eraus verhënnert d'Uwendung vun dëser Direktiv onloyal Konkurrenz- a Wettbewerbsstéierungen tëschent deene verschiddene Betriber an deem eenzelne Land, an och am europäesche Raum.

Dann huet des Weideren d'Uwendung vun dëser Direktiv positiv Auswierkungen op den Aarbechtsmaart, virun allem an der Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet. Si ass och e wichtegt Element an der Bekämpfung vun der Schwaarzaarbecht. Hir Uwendung, hir Transpositioun an d'nationaalt Recht, souwuel fir déi Arbeitnehmer, déi hei zu Lëtzebuerg Résidente sinn, wéi fir déi, déi aus dem Ausland heihinner schaffe kommen, wéi och fir d'Lëtzebuerger Betriber, huet wesentlech Verbesserunge a vill méi Sécherheet zur Folleg. Ze bemierken ass, dass mer schonn 1995, also zu engem Zäitpunkt, wou dës Direktiv nach am Stadium vun EU-Berodunge war, Deeler dervun an eis Gesetzesaarbecht um Niveau vun der Beruffsausbildung transposéiert hunn. Elo geet et drëm, fir och de Rescht dervun ze transposéieren.

Bei dëser Geleeënheet maache mer een zousätzleche Schrëtt, deen iwwer dat, wat mer musse maachen op Grond vun där Direktiv, erausgeet: Mir erweideren den Uwendungsberäich hei zu Lëtzebuerg. Deen ass an Zukunft net nëmme bindend fir d'Déngschtleeschtungsbetriber an d'Konstruktiounsbetriber, mä ass bindend fir sämtlech Betriber hei zu Lëtzebuerg, an dofir hate mer och divergent Avise vun deenen zwou Patronatschamberen. D'Chambre de Commerce hat do Bedenken, dass mer den Uwendungsberäich ausdehnen, mä d'Chambre des Métiers war der Meenung, dass dat schonn eng gutt Saach wier. Mir waren an der Kommissioun der Meenung, dass d'Regierung scho gutt géif handelen, fir all Schwieregkeeten an deloyal Konkurrenzproblemer aus der Welt ze schafen an den Uwendungsberäich auszedehnen.

Doriwwer eraus hu mer ee weidere Schrëtt gemaach, nämlech, datt mer och adequat Kontrollméiglechkeeten hei zu Lëtzebuerg schafe wollten, fir datt dëst Gesetz, wat elo Gesetz gëtt, keen eidele Buschtaf soll bleiwen.

Voilà, Kolleeginnen a Kolleegen, dat sinn also déi wesentlech Zilsetzunge vun dësem wichtege Projet hei zu Lëtzebuerg, an esou gëtt dat och vun de Sozialpartner hei zu Lëtzebuerg gesinn. De virleiende Projet huet den Aarbechtsminister de 14. August 2000 déposéiert. Nodeems de leschten Avis vun de Beruffschamberen den 1. Mäerz 2001 virloung, huet de Statsrot säin éischten Avis den 19. Januar 2002 ofginn. Ee Joer laang huet de Statsrot bal gebraucht, fir deen Avis ofzeginn. Dat beweist, wéi komplizéiert d'Uwendung vun dëser Direktiv ass. An domat wollt ech absolut hei keng Kritik vis-à-vis vum Statsrot ausüben, mä et ass effektiv d'Konsequenz dovun, datt déi Direktiv esou déif an eist Aarbechtsrecht agräift, datt et relativ komplizéiert war, fir net a Contradictioun mat anere Gesetzer hei ze kommen.

Nodeems de Statsrot also säin Avis - den éischten Avis - den 19. Januar 2002 ofginn huet, huet eis Kommissioun den 18. Abrëll dëst Joer hir Aarbecht opgeholl. Den Detail vun deene Berodungen, den Inhalt vun den Avisë vun de Beruffschamberen, dee fannt Der beschriwwen am Detail, wéi ech gesot hunn, a mengem schréftleche Rapport.

Eng Rei vun Amendementer huet d'Kommissioun décidéiert, virun allem och opgrond vun enger Opposition formelle vum Statsrot, dat am Kontext vun engem geplangtenen Ausbau vum Kontrollberäich vun der Gewerbeinspektioun, och an deem Kontext, mat beabsichtegten neie Sanctiounen, wa géint dee Projet géif zuwidder gehandelt ginn. De Statsrot hat eng Rei formell Bedenken, op déi ech elo am Detail net méi wëll agoen, Dir fannt déi am Bericht. Mir waren der Meenung fir dem Statsrot nozeginn an eis unzeschléissen un dat wat de Statsrot zum Ausdrock bruecht huet, an deementspriechend hu mer och de Projet iwwert d'Kontrollméiglechkeeten an d'Attributioune vun der Gewerbeinspektioun ofgeännert an ofgeschwächt. Och dat, Kolleeginnen an Kolleegen, opgrond vun der Tatsaach, datt den Aarbechtsminister amgaang ass, definitiv an endlech, nodeems schonn iwwer zéng Joer verlaangt ass, géint d'Gewerbeinspektioun ze reforméieren a scho Reformprojeten an den Tiräng vum Aarbechtsministère louchen, scho virun zéng Joer, endlech elo konkret un engem Reformprojet vun der Gewerbeinspektioun ze schaffen.

Verschidde Kolleegen hu sech och bei der Ofstëmmung vun deem virleiende Projet enthalen. Net well se formal Bedenken hate vis-à-vis vum Inhalt vun dësem Projet, mä well se fäerten, an dat net zu Onrecht, datt d'Kontrollen, well d'ITM nach net reforméiert ass, ongenügend bleiwen, an der Applicatioun vun dësem Projet. Dat war d'Ursaach, firwat verschidde Kolleege sech enthalen hu beim Vote an de Kommissiounen. An dëse Bedenken, dee kann een novollzéien.

Elo wësse mer awer, datt dës Problemer, déi mer gesinn hunn, an déi mer elo net konnten an de Gesetzesprojet abannen, bei der Reform vun der Gewerbeinspektioun geléist solle ginn. Mir wëssen, datt d'Regierung beim BIT een Audit an Optrag ginn huet, fir eis Gewerbeinspektioun ze reforméieren. Mir wëssen och, datt deen Audit ofgeschloss ass. An esou, wéi mer ofgemaach hunn, wäert den Aarbechtsminister de 14. Januar dat nächst Joer an eis Kommissioun kommen, mat den Expäre vum BIT, wou se eis déi Etüd an déi Propositioune wäerte virleeën. Dëse Rapport vum BIT, dee wäert dann och d'Grondlag si vun engem Reformprojet. Ech hoffen, datt den Aarbechtsminister eis dëse Reformprojet nach am Laf vum nächste Joer virleeë kann, an esou, datt mer mat Sécherheet dann och déi endlech noutwendeg an iwwerfälleg Reform vun der Gewerbeinspektioun nach an dëser Legislatur kënnen zu engem Ofschloss brénge.

Voilà, Kolleeginnen a Kolleegen, dat war, wat ech mengem schréftleche Bericht wollt unhänken. Als President vun eiser Kommissioun soen ech alle Kolleege fir hir Mataarbecht merci. Datselwecht gëllt och fir den Aarbechtsminister, virun allem och fir seng Mataarbechter. De Statsrot sief och eng Kéier gelueft fir seng prompt Kollaboratioun. Dem Sekretär vun der Chamber, och menge Mataarbechter an der Fraktioun e Merci. Et war wierklech ee komplizéierte Projet, mat villen techneschen Detailer aus dem an ëm d'Aarbechtsrecht. Am Numm vun der zoustänneger Kommissioun Aarbecht a Beschäftegung bieden ech dann ofschléissend d'Chamber ëm eng breet Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Marc Zanussi *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, gëtt eng Direktiv ëmgesat, déi fir d'Lounempfänger, déi ënnert dës Direktiv falen, ganz positiv ass. Mat dësem Text ginn d'Rechter vun deene Leit verbessert, a besonnesch ginn d'Situatiounen am Beräich vun den Aarbechtskonditioune fir si och besser wéi se virdru waren.

An engem ëmmer méi liberaliséierten a groussen Europa kritt een Text wéi deen heiten eng ëmmer méi grouss Bedeitung. Wann ee weess, dass d'Zuel vun deene Leit, déi iwwer Détachement an engem anere Land schaffen, ëmmer méi grouss gëtt, huet dësen Text ouni Zweifel eng wichteg Bedeitung fir dat Personal, wat betraff gëtt. Wann am Zesummenhang mat Europa ëmmer erëm vum sozialen Europa geschwat gëtt, dann, mengen ech, ass dat heiten ee positiivt Beispill, dat een an deem doten Zesummenhang kann ervirsträichen, ee wichtege Meilesteen a Richtung vu verbesserte gesetzleche Bestëmmunge fir alleguerten déi Leit, déi am Kader vun der europäescher Gemeinschaft détachéiert an anere Länner schaffen.

Fir Lëtzebuerg huet dës Direktiv, an dëst Gesetz, natierlech eng ganz speziell Bedeitung. Duerch d'Klengheet vun eisem Land ass et eng Evidenz, dass d'Entreprisen, déi hei zu Lëtzebuerg etabléiert sinn, oft mat der Konkurrenzsituatioun vun aneren Entreprisen aus dem Ausland konfrontéiert sinn. Dat Wuert Sozialdumping ass a sämtleche Rapporten, a sämtleche Commentairen zu dësem Text praktesch all Kéier erëmkomm. Et ass an der Kommissioun och oft doriwwer geschwat ginn. Et gesäit een och, dass dat an de Rapporte vun de Beruffschamberen eng Realitéit ass. Mir hunn a rezenter Vergaangenheet jo och hei am Land gesi wat de Sozialdumping heescht a wéi e vun ausländneschen Entreprisen hei am Land och provozéiert ginn ass. An den Avisë liest een awer och ganz kloer, dass d'Zuel vun de Leit, déi iwwert Détachement hei zu Lëtzebuerg schaffen, am Laf vun deene leschte Jore permanent an d'Luucht gaangen ass, besonnesch an de Beräicher vum Bau, vum Génie civil a vun den techneschen Installatiounen.

Et ass scho bemierkenswäert ze erkennen, dass, wann et 1990 nach 13% vum Chiffre d'affaires aus deem Secteur waren, déi vun auslänneschen Entreprisen ofgedeckt gi sinn, esou waren et der 1999 schonn 20%. Dat ass ee beträchtlechen Undeel. D'Ursaachen dofir si bekannt, leien awer och zum Deel doranner, dass et hei zu Lëtzebuerg keng iwwerméisseg protektionistesch Moossname gëtt, wéi et se zum Beispill an anere Länner gëtt am Beräich vun den administrative Bestëmmungen. Déi gëtt et hei net. Dofir mengen ech, dass deen Text, esou wéi en elo virläit, fir déi Leit, déi vun auslänneschen Entreprisen hei op Lëtzebuerg détachéiert sinn, eng gutt Saach ass.

D'territorial Applicabilitéit gëtt mat dësem Text zu engem groussen Deel ofgeschaaft. Dat heescht, dass hei zu Lëtzebuerg alleguerten déi Elementer vum Aarbechtsrecht, déi d'ordre public sinn, applizéiert ginn. Dat spillt zum Beispill an der Fro vum Mindestloun, an der Fro vun der Congéssituatioun.

Wa mer haut de Moien hei iwwert d'Erhéijung vum Mindestloun diskutéiert hunn an ongléckleche rweis d'Majoritéit awer net de Propositioune vum Lucien Lux nokomm ass, esou muss een dach soen, dass déi Leit, déi ënnert dat heite Gesetz falen, och vun deenen Dispositiounen, déi mer haut de Moien hei bestëmmt hunn, profitéiere kënnen.

Dëst Gesetz, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, geet iwwert de Kader vun der Direktiv eraus, am Sënn vun der Protectioun fir d'Leit, déi dovunner betraff sinn. Déi Direktiv baséiert op der Konventioun vu Roum vum Juni 1980. De Rapporteur Marcel Glesener ass a sengem schréftleche Rapport, méi wéi a sengem mëndleche Rapport, op d'Detailer vun deem Text hei agaangen. Hien huet et mëndlech net méi gemaach, ech wäert et dann op dëser Plaz och selbstverständlech net nach eng Kéier maachen, well mer wierklech an der Kommissioun déi doten Diskussioun intensiv gefouert hunn.

Ech wéilt vläicht just e puer Bemierkungen nach zu de Rapporte vun de Beruffschamberen zu dësem Projet maachen. D'Beruffschamberen, déi um Terrain oft mat der deloyaler Konkurrenz aus dem Ausland konfrontéiert sinn an an hire Rapporten interessant Bemierkungen zu deem Projet hei gemaach hunn.

D'Chambre des Employés privés an och herno de Conseil d'Etat werfen zum Beispill déi Fro op, déi och an der Kommissioun diskutéiert ginn ass, wou ech bedaueren, datt d'Iddi vun der Chambre des Employés privés net zréckbehale ginn ass, nämlech d'Tatsaach, dass d'Personal vun der Flossschëfffaart an dësem Text net berücksichtegt ginn ass, wou jiddereen awer weess, deen dee Beräich do e bësse kennt, dass d'Personal vun der Flossschëfffaart och net dat ass, wat déi allerbeschte Kollektivverträg huet. De Personnel maritime dogéint ass iwwert d'Gesetz vum 9. November 1990 duerch spezifesch Dispositiounen ofgeséchert. Et ass bedauerlech, dass d'Personal vun der Flossschëfffaart hei net berücksichtegt konnt ginn.

Am Avis vun der Chambre des Métiers gëtt vun de Kontrolle geschwat, déi noutwendeg sinn, fir dass dëst Gesetz iwwerhaapt e Sënn huet. Et gëtt och vun der interministerieller Zesummenaarbecht geschwat, déi et an embryonaler Form gëtt, mä déi institutionaliséiert gi soll. De Rapporteur ass a sengem Rapport och op déi dote Fro agaangen. Ech denken, dass déi interministeriell Zesummenaarbecht wierklech e wichtegt Element ass, fir dat Gesetz hei och an der Praxis kënnen unzewenden, a fir dat Gesetz sengem Zweck kënnen zouzeféieren.

Interessant war et am Avis vun der Chambre de Commerce festzestellen, dass et do am Verglach zu der Chambre des Métiers, wéi den Här Glesener virdru gesot huet, eng ënnerschiddlech Opfaassung doriwwer gëtt, wéi dat Gesetz hei ausgeluecht soll ginn. D'Chambre de Commerce huet Problemer domadder, dass dëst Gesetz verallgemengert gëtt op alleguer d'Secteure vun der Lëtzebuerger Ekonomie. D'Kommissioun, a mir och als Fraktioun, begréissen awer, dass d'Majoritéit mat op deen anere Wee gaangen ass, fir dat heiten ze verallgemengeren, well mir d'Meenung vertrieden, dass dat eng Noutwendegkeet ass fir alleguer déi Leit, déi a sämtleche Secteure vun der Ekonomie heivunner betraff sinn.

Am Avis vum Conseil d'Etat, dee mer kruten, waren eng ganz Rei vun Oppositions formelles dran enthalen. D'Kommissioun huet deenen Oppositioune Rechnung gedroen. Dat Element, wat vum Conseil d'Etat ebenfalls kritiséiert ginn ass, ass datselwecht Element, wéi bei der Privatbeamtechamber, et ass dat vun der Flossschëfffaart. D'Fro vum Officier de police judiciaire ass eng ganz quokelech Fro. Wat fir eng Leit hei am Land dee Statut do solle kréien ass eng Fro, déi mer och am Kader vun anere Gesetzer schonn diskutéiert hunn. Et schéngt mer wichteg ze sinn, dass déi dote Fro effektiv gekläert gëtt. Déi Fro vun de Kompetenzschwieregkeeten tëschent der Gewerbeinspektioun an der Douane ginn am Avis vum Conseil d'Etat opgeworf. Et schéngt mer och wichteg ze sinn, dass déi dote Kompetenzfroen am Kader vun der Reform vun der Gewerbeinspektioun gekläert ginn.

Eppes, wat awer am Avis vum Conseil d'Etat ganz interessant ass ze bemierken, ass d'Tatsaach, dass de Conseil d'Etat bemierkt, dass de Cumul vun de Peinen am Fong géint d'juristesch Grondprinzipie verstéisst. Hie mécht eng Opposition formelle am Zesummenhang mat deene Sanktiounen, déi kënnen ausgeschwat ginn. Dat ass eng Opposition formelle, déi mir als Fraktioun selbstverständlech speziell begréissen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Mir wëllen awer drop hiweisen, dass déi Fro vum Cumul vun de Peinen och am Avis vum Conseil d'Etat zum Punkteführerschäin undiskutéiert ginn ass. Mir bedaueren am Fong e bësselchen, dass de Conseil d'Etat do net deeselwechte Courage hat, wéi dee Courage, deen hien hei hat, fir och deemools beim Punkteführerschäin eng Opposition formelle ze maache vis-à-vis vun dem juristesche Prinzip vum Cumul vun de Peinen. Mä näischt verhënnert jo, dass ee sech op Grond vun den Diskussiounen a senge Positiounen nach eng Kéier kann op aneres besënnen.

Am Avis vum Conseil d'Etat gëtt awer och déi wichteg Fro ugeschwat vun der Reform vun der Gewerbeinspektioun. A wann de Marcel Glesener hei virdru vun de Kontrollinstanze geschwat huet, déi virgesi sinn, ass et elementar wichteg, an dat ass zum Schluss vu senger Interventioun jo och ervirkomm, dass der Reform vun der Gewerbeinspektioun eng enorm grouss Bedeitung bäikënnt, wa mer wierklech wëllen, dass dat Gesetz hei um Terrain soll gräifen. Doriwwer sinn alleguerten d'Partner, déi un dësem Gesetz bedeelegt waren, enger Meenung.

Et muss een elo just kucken, dass och déi Reform vun der Gewerbeinspektioun duerchgefouert gëtt. Ech hunn nogekuckt gehat: Beim Débat iwwert d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz huet de Lucien Lux fir eis Fraktioun eng Motioun agereecht gehat, den 8. Februar 2001, wou d'Regierung invitéiert ginn ass, fir eng Reform vun der Gewerbeinspektioun ze maachen: fir d'Zuel vun de Kontrolleren erop ze setzen, fir d'Definitioun vum Statut vun de Kontrollere festzeleeën a fir déi interministeriell Zesummenaarbecht ze institutionaliséieren. Alles Elementer, déi am Rapport vum Rapporteur zréckzefanne sinn.

Bedauerlecherweis huet awer deemools d'Majoritéit déi Motioun do net akzeptéiert gehat, obwuel et, wéi gesot, haut erëm eng Kéier am Rapport vum Marcel Glesener zréckzefannen ass. Ech wëll him dann och bei dëser Geleeënheet nach eng Kéier Merci soe fir säi schréftleche Rapport a seng mëndlech Contributioun vun haut.

D'Reform vun der Gewerbeinspektioun kritt eng Schlësselbedeitung. Ech wollt dann op dëser Plaz de Minister froen, eis am Plenum nach eng Kéier Opschloss doriwwer ze ginn, wéi de Stand vun där doter Reform ass? Et ass ee Bestanddeel vum Regierungsprogramm vun dëser Koalitioun gewiescht. Et ass schonn x-mol a Joren dovunner geschwat ginn an et gesäit een an alle Beräicher, dass d'Gewerbeinspektioun déi dote Reform onbedéngt brauch, an dass zousätzlecht Personal gebraucht ginn ass. A wann dovunner geschwat gëtt, dass effektiv de Rapport vum BIT soll d'Grondlag sinn, fir déi Reform do an d'Weeër ze leeden, da muss ee wëssen, dass net méi vill Zäit ass bis zu deenen nächste Wahlen. D'Auer tickt. Et wier wierklech wënschenswäert, wann déi Reform hei nach géing, wéi de Marcel Glesener virdru gesot huet, dës Legislaturperiod iwwert d'Bühn goen. Mat deem dote Wonsch un d'Regierung géing ech meng Interventioun hei schléissen.

Ech bemierken, dass mer effektiv an der Kommissioun eis beim Vote zu dësem Projet enthalen hunn aus deene virdru genannte Grënn, a besonnesch och wéinst der Reform vun der Gewerbeinspektioun. Mir géingen awer als Fraktioun eis Zoustëmmung zu dësem Rapport bréngen. Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Här Glesener, als President an als Rapporteur vun der Kommissioun, merci soe fir dee komplette schréftlechen a mëndleche Rapport. Deen heite Projet de loi ass e ganz wichtege Projet de loi, wéi déi verschidden Auteuren an Avisen et gesot hunn. Virun allem, wann ee gesäit, dass e jo och e Pak vu Minimumgarantien enthält fir déi Leit, déi dann hei schaffe kommen.

Mat der Affär Kralowetz virun zwee Joer huet ee jo och zum Beispill gesinn, dass et e Flou a verschiddene Situatioune ginn ass. Mat dësem Projet de loi wäert een da kucken, fir selbstverständlech kee Flou artistique méi ze hunn, mä prezis Äntwerten op prezis Froen. Ech si virun allem frou, dass d'Kommissioun dem Avis vum Conseil d'Etat gefollegt huet, dee gesot huet, dass et e Problem wier, wann ee géif jidferengem d'Méiglechkeet ginn, fir Inspekter ze sinn an do Rapporten ze schreiwen, déi duerno «font foi».

An der Kommissioun war den Här Meyers och een, dee kleng Problemer domadder hat als Jurist. Ech si ganz frou, dass d'Commission du Travail et de l'Emploi deen Avis vum Conseil d'Etat suivéiert huet an den Här Loes - hie kuckt mech hei - war och domadder averstanen. Dat heescht, dass dann eng Majoritéit vun der Chamber averstan war, den Avis vum Conseil d'Etat ze suivéieren an ze kucken, fir méi Klorheet am Text ze schafen, well am Ufank hätt all Persoun, déi an där Verwaltung schafft, d'Méiglechkeet gehat Procès-verbaux ze maachen. Déi Procès-verbaux, wéi Der wësst, «font foi au tribunal jusqu'à preuve du contraire». Dat heescht, dass et schonn eng delikat Situatioun gewiescht wär.

Op jidde Fall, soen ech nach eng Kéier, dass et jo eng Transpositioun vun enger Direktiv war. Verschidde Punkten hate mer schonn an eiser Gesetzgebung. Déi sinn haut complétéiert ginn duerch dat heite Gesetz. D'Demokratesch Partei wäert dëse Projet de loi stëmmen a seet dem Här Rapporteur nach eng Kéier merci soe fir dee komplette Rapport.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll selbstverständlech och dem Här Rapporteur félicitéiere fir säi Rapport, esou wéi deene Kolleegen, déi virdrun nach eng Kéier hei am Detail op déi verschidden Aspekter vun deem Gesetz agaange sinn. Ech deelen déi Bedenken, déi hei am Zesummenhang mat der Gewerbeinspektioun, mat de Kontrollméiglechkeete gemaach gi sinn. Ech sinn och der Meenung, dass mer wierklech alles mussen dru setzen, fir dass déi Reform vun der Gewerbeinspektioun esou schnell wéi méiglech iwwert d'Bühn geet.

Ech mengen, mir ginn ëmmer méi konfrontéiert mat europäeschen Direktiven, déi mer an eist Aarbechtsgesetz mussen ëmsetzen. An deem Zesummenhang wëll ech bedaueren, dass mer mussen op europäesch Direktiven zréckgräifen, fir dann iergendwann eng Kéier, vläicht an 150 Joer, e Code social an Europa ze hunn. Ech sinn éischter der Meenung, dass een an deenen EU-Traitéen, déi ausgehandelt gi sinn, hätt misste méi Akzenter op d'Sozialpolitik setzen an op d'sozial Stabilitéit vun deene Länner, besonnesch déi, déi elo an Europa bäikommen.

Net nëmmen déi ekonomesch Stabilitéit soll gekuckt ginn, mä et soll och méi op déi sozial Stabilitéit gekuckt ginn, well dat jo awer just ee vun deenen Nodeeler ass, dee sech kéint negativ op eisen Aarbechtsmaart auswierken. Wa Länner an Europa net déiselwecht Normen hu wéi mir, da kéint sech dat eng Kéier negativ op eisen Aarbechtsmaart auswierken. Mir ginn awer selbstverständlech eisen Accord zu dësem Projet.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President…

Une voix.- Et ass dach um Här Loes.

M. le Président.- Loosst den Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech maachen et kuerz. Ech wollt dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche Rapport. Et ass alles gesot ginn, mir stëmmen dëse Projet.

M. le Président.- Den Här Loes huet elo d'Wuert.

M. Nico Loes *(CSV)*.- Grad ewéi de Moien de Rapport iwwert de Salaire social minimum, huet de Marcel Glesener deen hei Rapport och an enger brillianter Form gemaach, an als Expär an deem Geschäft do géif ech him och am Numm vun eiser Fraktioun merci soen an och den Accord zu dësem Gesetz vun eiser Fraktioun bréngen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als leschten ass den Här Serge Urbany agedroen.

***(Interruption et brouhaha général)***

Gutt, da kéim elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen un d'Rei. Den Här Biltgen huet d'Wuert.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gesäit een, dass oft déi wichtegst Gesetzer am mannsten Diskussioune verlaangen. An ech sinn awer ganz frou, dass mir dat Gesetz haut kënne stëmmen.

Ech soen och dem Marcel Glesener - fir d'zweet haut schonn - merci fir säi Rapport, deen effektiv alles seet, wat zu deem Gesetz ze soen ass. Ech wäert awer e puer Remarquë wëlle maachen, well fir mech ass dat heite Gesetz wahrscheinlech mat dat wichtegst Gesetz, wat mer am Aarbechtsrecht an deene leschte Joren hei gestëmmt hunn, och wann dat hei méi liicht iwwert d'Bühn geet.

Et ass richteg, dass mir hei eng Direktiv ëmsetzen, wou mir iwwerfälleg sinn. Mir hätten déi scho laang sollen ëmgesat hunn. Mir sinn hannendran. Mä wat mir net solle vergiessen: Déi Direktiv, déi mir ëmsetzen, ass eng Directive Marché intérieur. Do geet et drëm, dass am groussen europäesche Bannemaart d'Betriber fräi kënne reesen a fräi kënnen iwwert d'"libre prestation de services", hir Déngschter ubidden. Dat heiten ass keng sozial Direktiv, déi ass net op Grond vun engem vun de Sozialartikelen zustane komm; si ass op Grond vum Marché intérieur zustane komm.

Mir sinn haut hei amgaangen, déi Direktiv largement an e sozialpolitescht Gesetz ëmzefonctionnéieren. An dat ass eigentlech dat, wat hei déi grouss Differenz ausmécht. Mir mussen och oppassen, dass mer ëmmer zur Direktiv konform bleiwen.

Déi heiten Direktiv huet scho schrecklech vill Urteeler op der Cour de Justice des Communautés européennes ervirgeruff, wou Leit - aner Länner maachen datselwecht wéi mir, vläicht net esou ausgeprägt - d'Cour de Justice uruffen, a soen: Do ass déi Direktiv schlecht ëmgesat ginn; déi Direktiv, déi verhënnert d'"libre prestation de services" a si erliichtert se net. Do musse mir oppassen a mir suivéieren och déi Jurisprudenzen. Bis elo hu mir eng ganz Partie vu Jurisprudenze gesammelt, déi eis u sech confortéieren, dass dëse Projet misst Bestand hunn.

Mä dat ass dat, wat wichteg ass. Mir sinn d'accord, dass d'"libre prestation des services" kënnt - iwwregens hat Lëtzebuerg se nach ëmmer. Just am Handwierksberäich, deen heimadder vill viséiert ass, huet een nach ëmmer vu „libre prestation de services" iwwert d'Grenzen eraus profitéiert, an et koumen nach ëmmer ausländnesch Betriber op Lëtzebuerg schaffen; et ass also näischt, wat mir net géife kennen. A mir wëllen dat och net verhënneren, och dat dréit zur Compétitioun bäi.

Wat mir awer hei wëlle verhënneren - an do waren och, virun allem d'Beruffsorganisatiounen, fir eemol net nëmmen 100%eg, mä 110%eg hannert dem Aarbechtsminister - dat ass Concurrence déloyale, Sozialdumping an illegalen Emploi de main-d'oeuvre. Dat sinn d'Kärpunkte vun dësem Gesetz.

An dobäi muss een da wëssen, dass dëst Gesetz eent ass, wat all Betriber concernéiert. Et ass net esou, dass dëst Gesetz nëmme géif déi Betriber concernéieren, déi vu baussen erakommen. Hei gi Grondsaache festgeluegt, wat d'Betriber mussen hunn. Et gëtt en haarde Kär vu Sozial- an Aarbechtsrecht festgeluegt. En haarde Kär, deen all Betrib deen zu Lëtzebuerg schafft muss respektéieren. Dat sinn d'Ordre-public-Gesetzgebungen am Sozial- an Aarbechtsrecht.

Dann ass et awer esou, dass iwwert de Kär, deen d'Betriber musse respektéieren, mer awer och Kontrollméiglechkeete musse hunn. An do musse Pabeiere bestoen. An do ass et dann esou, dass mer am Artikel 8 virschreiwen, dass e Betrib, dee säi Sëtz net zu Lëtzebuerg huet, muss e Mandataire hunn, wou en all déi Pabeiere muss opbewahren, déi mir nom Artikel 7 opzielen, fir dass mir och kënne kontrolléieren. Well, et ass ganz schwiereg fir dobausse kucken ze goen, an et weess een emol net ob déi Leit iwwerhaapt Pabeieren hunn, oder net. Dat heescht also e Betrib, dee wëll legal zu Lëtzebuerg schaffen, muss entweder hei säi Siège hunn, oder e muss hei e Mandataire hunn, bei deen dann d'Gewerbeinspektioun, an aner Verwaltungen, kënne goen, an Asiicht kréien an d'Pabeiere vun deene Leit.

Dat ass also de sprangende Punkt vun deem Gesetz. Wat den haarde Kär ubelaangt, hu mir d'Direktiv voll ausgenotzt. D'Direktiv huet nämlech op verschidde Punkte virgesinn, dass ee se net bräicht voll auszenotzen. Dass een zum Beispill kéint soen, wa Leit nëmme während enger kuerzer Zäit détachéiert sinn, da spillt déi national Gesetzgebung net. Dat wollte mir net maachen. Mir wollten hei wierklech den haarde Kär vum Sozialrecht bis zum Schluss ganz duerchzéien.

An da muss ech soen, hu mir hei net Neiland betrueden. Mir hate schonn iwwert den Artikel IV vum Gesetz vun 1995 en haarde Kär vu Bestëmmungen an eist Sozialgesetz ageschriwwen. Deemools ware mir Virreider an Europa, do hu mir et gemaach, ier dass déi Direktiv koum, déi dat elo erméiglecht. Mir haten et deemools schonn.

Deen haarde Kär, deen hu mir natierlech elo iwwert dëst Gesetz ausgeweit. An ech ginn nëmmen zwee Beispiller: dat eent sinn d'Kollektivverträg, déi d'Obligations générales sinn an do si scho genuch Virriedner drop agaangen, op déi Mésentente tëschent Chambre de Commerce a Chambre des Métiers. An dann hu mir zum Beispill awer och d'Bestëmmunge vun der Assurance-accidents hei geholl, well déi si ganz wesentlech.

De Problem vun de Bestëmmunge vun der Assurance-accidents ass deen: Déi hu keng Base légale a keng Base réglementaire. D'Assurance-accidents, dat ass e Veräin - wann ech dat emol kann esou nennen - an déi maachen e Règlement interne - wann ech dat emol ka schlecht, falsch duerstellen. Mä déi maachen hir Bestëmmungen an dat si Circulairen, déi sinn nëmme bindend fir hir Memberen. Ee Betrib, dee Member an der Assurance-accidents ass - an all Lëtzebuerger Betrib muss Member an der Assurance-accidents sinn -, fir dee sinn déi intern Bestëmmunge bindend. En auslännesche Betrib, deen op Lëtzebuerg schaffe kënnt, ech kennen nach keng esou eng Affaire, mä dee kéint viru Geriicht soen: „Ma jo déi dote Bestëmmungen, wou sti se am Mémorial? Déi stinn net an engem Mémorial. Déi ziele fir Äre Veräin an ech sinn net Member an Ärem Veräin". An da géif e laanscht déi Sécherheetsbestëmmunge vun der Assurance-accidents kommen.

Dofir ass et hei wichteg, dass mir zum Beispill och dat bäigeschriwwen hunn an dass mir deene Bestëmmunge vun der Assurance-accidents elo kënnen eng Base réglementaire ginn, wou se dann och fir jiddfereen zielen. Dat sinn also, wéi gesot, eng ganz Partie vu klenge Moossnamen, déi eis awer kënnen am Endeffekt ganz vill hëllefen.

Natierlech kënnt et och op d'Kontroll un, fir duerchzegräifen. Mä d'Kontroll eleng geet net, wa mir net uerdentlech Texter hunn, déi mir iwwerhaapt kënnen applizéieren. An hei hu mir dat emol vill versicht, fir e bësselche mat den Texter, sou wäit wéi méiglech, ze goen. Da kënnt d'Kontroll, dat ass natierlech haaptsächlech d'Gewerbeinspektioun. An do ass et esou, dass mir an engem éischte Projet effektiv virgeschloen haten, fir der Gewerbeinspektioun d'Méiglechkeet ze ginn, Amendes d'ordre ze spriechen, an esou weider an esou fort.

De Statsrot huet eis ëmmer gesot: Mir wëlle fir d'éischt d'Reform vun der Gewerbeinspektioun gesinn, ier dass eppes aneschters do geschitt. An de Statsrot ass sech do bis zum Schluss trei bliwwen. E sot: Bréngt all déi dote Saachen eréischt an engem gesamte Projet vun der Gewerbeinspektioun.

Mir maachen dat och an et ass och net esou, dass wa mir dat Gesetz elo a Kraaft hunn, dass d'Gewerbeinspektioun näischt kéint maachen. Et kann hei ganz villes kontrolléiert ginn. Mir wäerten och an Zukunft verstäerkt mat deenen Actions coups de poing weiderfueren. Dir hutt jo déi gesinn, déi mir um Kierchbierg gemaach hunn. Well et ass och esou, dass d'Gewerbeinspektioun hei zu Lëtzebuerg och net d'Plénitude des moyens huet. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg eng Opsplitterung vu Kompetenzen tëschent verschidde Verwaltungen, an dofir mussen déi Coups de poing och an Zukunft kommen, fir dass sämtlech Verwaltungen zesummen enzwuesch higinn an da jiddferee kuckt, wat do schlecht leeft, a wat gutt leeft. Mir hunn d'Douane, déi ganz vill mat der Gewerbeinspektioun schafft an do hu mir Leit, déi Officier de police judicaire sinn, an dat notzt eis och eppes.

Et ass ugeschwat ginn: D'Reform vun der Gewerbeinspektioun steet scho laang am Raum, an ass nach net komm. Dat ass richteg esou, ech hunn och, wéi ech ugetruede sinn, a menge Ministèren en Avantprojet vun enger Reform vun der Gewerbeinspektioun fonnt…

***(Interruption)***

Neen, neen, neen, dee louch ganz uewen am Tirang. Just, Här Zanussi, dee Pabeier huet mir net gefall. Et geet mir net drëm „eng Reform" vun enger Gewerbeinspektioun ze maachen mä et geet mir drëm, fir eng Reform ze maachen, déi ech och als Reform ugesinn. Ech hunn et schonn e puer Mol hei gesot, ech maachen näischt, wat iergendwéi just seicht ass, fir dann ze soen: Mir hunn e Gesetz gemaach. Ech maachen eppes, wou ech och unecken an dat maachen ech mat ville Gesetzesprojeten. An dann diskutéiere mir dat aus, an ech komme jo net ëmmer bis zum Schluss duerch mat deem, wat ech maachen, mä och hei bei der Gewerbeinspektiounen wëll ech eng uerdentlech maachen.

A well mir am Haus och net richteg weider komm sinn, hu mer décidéiert - an dat war e Beschloss tëschent mir an och der Direktioun vun der Gewerbeinspektioun - de BIT, de Bureau International du Travail, mat engem Audit iwwert d'Gewerbeinspektioun ze beoptragen. Mam Hannergedanken - an dat war d'Missioun -: Sot eis, wéi eng Gewerbeinspektioun vum 21. Jorhonnert muss sinn?

Et soll hei net drëm goen en Audit ze maachen, wéi Auditen oft sinn, fir ze soen: Et feelen hei Leit, et feelen do Leit, oder et muss méi Informatik kommen. Et sollen einfach fundamental Saachen a Fro gestallt ginn. Dee Bericht hunn ech gelies. Ech kréien en offiziell de 4. Januar zougestallt. Wann ech en dann de 4. Januar hunn, da maache mer e public a mir fänken un. Prioritéit

kritt Är Chamberkommissioun vum Här Glesener, de 14. Januar dann. Deeselwechten Dag kréien och d'Sozialpartner deen Audit virgestallt a mëttes maachen ech eng Pressekonferenz, fir dem Public dat virzestellen. Do wäerten och d'Haaptresponsabel vum BIT vu Genève dobäi sinn. Do sinn 134 Propositiounen dran an do sinn der ganz vill dran, déi ganz wäit ginn. Ech maachen duerfir dee Bericht total public. Hei solle mer wierklech ouni Tabuen, an ech mengen dat net nëmme fir d'Regierung, ech mengen dat och fir d'Sozialpartner a fir d'Leit an der Inspektioun selwer, hei erugoen an all déi Propositiounen duerchdiskutéieren a wa méiglech déi Propositiounen all, wann et nëmme méiglech ass, realiséieren.

Do sinn der awer, wou mer nach ganz vill Diskussioune kréien, zum Beispill seet de BIT: D'Gewerbeinspektioun geet ze oft nokontrolléiere sur place, wann d'Kand am Pëtz läit. De BIT seet: Mä dat kann net esou sinn. D'Gewerbeinspektioun muss vill méi proaktiv goen a si muss kucken, dass an de Betriber d'Konditioune vu vir eran esou gemaach ginn, dass net kënnen Accidenter zum Beispill virkommen. Dat ass eng grouss Ausso vun deem Bericht.

Da seet de Bericht awer och, an do sinn ech da gespaant, wat de Statsrot dorobber äntwert: Déi Leit, déi an der Gewerbeinspektioun sinn, musse besser gebilt ginn, mä déi mussen awer och Mëttele kréien, fir duerchzegräifen. De BIT seet: Zurzäit hu mer nëmmen een eenzegen Inspekter an der ITM, dat ass hiren Direkter, an dee geet natierlech seelen sur place kucken. Et ass also och esou, dass déi Leit herno méi Kompetenze musse kréien, wa mer wëllen de BIT-Bericht ëmsetzen.

Dat sinn elo zwou Saachen. Ech soen Iech elo nach net alles, wat dra steet an deenen 134 Propositiounen - mir maachen dat nach -, just fir Iech ze soen, dass den Timing bei eis am Haus esou ass: No dem 14. Januar wäert ech nach Enn vum Mount mat de Sozialpartner zesummekommen, fir do e klenge Comité d'accompagnement ze maachen, wéi mer déi Reform ëmsetzen. Eist erkläertent Zil ass, fir nach déck am Joer 2003, wa méiglech nach virun der grousser Vakanz e Projet de loi hei op den Instanzewee ze ginn. Ech soen Iech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Domat wier d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4694 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 13 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, domat hätte mer d'Lecture vun den Artikelen ofgeschloss a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Gesetzesprojet 4694.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déijéineg, déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De Gesetzesprojet 4694 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Nico Loes), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Niki Bettendorf), Mme Maggy Nagel (par M. Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Domadder wiere mer Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtteg a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 12.21 heures)***

# MERCREDI, 18 DÉCEMBRE 2002 20E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**
**M. Jean Asselborn, Vice-Président**

## Ordre du jour

**1.** Hommage à la mémoire de Monsieur Ernest Petry, député honoraire

**2.** 4917 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction par la Commune de Mamer d'un centre intégré pour personnes âgées à Mamer

4926 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction par la Commune de Mamer d'un centre intégré pour personnes âgées à Mamer

4923 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la transformation, la modernisation et l'extension de l'Institut St-Joseph à Betzdorf

*(Rapports de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte des projets de loi - Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel)*

**3.** Dépôt d'une proposition de loi

**4.** 4825A - Projet de loi portant approbation de la Convention internationale du Travail N°172 concernant les conditions de travail dans les hôtels, restaurants et établissements similaires, adoptée par la Conférence internationale du travail à Genève, le 25 juin 1991

4825B - Projet de loi portant 1. réglementation de la durée de travail des ouvriers, apprentis et stagiaires occupés dans l'hôtellerie et la restauration; 2. modification a) de l'article 6 de la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant réglementation du louage de service des employés privés, b) de l'article 5bis de la loi modifiée du 9 décembre 1970 portant réduction et réglementation de la durée de travail des ouvriers occupés dans les secteurs public et privé de l'économie et c) de l'article 1er de la loi modifiée du 26 février 1993 concernant le travail volontaire à temps partiel

*(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale)*

**5.** Dépôt d'une proposition de loi

**6.** 4825A et 4825B - Projets de loi (suite)

*(Discussion générale - suite - Lecture du texte des projets de loi - Amendements - Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel)*

**7.** 4927 - Projet de loi concernant l'assistance mutuelle en matière de recouvrement dans la Communauté européenne des créances relatives à certains impôts, cotisations, droits, taxes et autres mesures

*(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

**8.** 5016 - Projet de loi autorisant l'acquisition d'un immeuble administratif situé à Luxembourg, route d'Esch

*(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

**9.** 5033 - Projet de loi concernant les organismes de placement collectif et modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

*(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Henri Grethen et François Biltgen, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.30 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

### 1. Hommage à la mémoire de Monsieur Ernest Petry, député honoraire

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn déi traureg Flicht Iech matzedeelen, datt ee vun eise fréiere Kolleegen, den Ernest Petry vu Waarken, gëschter am Alter vu 66 Joer no laanger Krankheet gestuerwen ass.

Vum Ernest Petry kann ee behaapten, datt d'Landwirtschaft fir hien éischter eng Beruffung, wéi e Beruff war. Vu Kand u war hie mat den Aarbechts- a Liewensbedingunge vu sengem Stand vertraut. An esou ass et net verwonnerlech, datt hie sech an dësem Haus vun 1984 un zéng Joer laang an de Reie vun der CSV fir d'Belaanger vun de Baueren a vum Éislek agesat huet.

Ob als Schäffen oder Conseiller vun der Stad Ettelbréck, huet hie vun 1975 un op jovial an onbürokratesch Aart a Weis senge Matmënsche gehollef, wat mat sech bruecht huet, dass si him ëmmer erëm hiert Vertraue geschenkt hunn, bis hie sech 1993 aus gesondheetleche Grënn zréckgezunn huet. Säin onermiddlechen Asaz am Sënn vun enger kompetitiver Landwirtschaft an enger sozialer Ofsécherung vun de Baueren huet sech doriwwer eraus a sengem Wierken innerhalb vu verschiddene landwirtschaftleche Gremie geäussert.

Dem Ernest Petry senger Famill an deenen, déi him no stoungen, drécke mir eist Bäileed aus. Ech géing Iech bieden eng Minutt opzestoen a senger am Stëllen ze gedenken.

Ech soen Iech merci.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 4917, 4926 a 4923 iwwert d'Alters- a Fleegeheimer zu Mamer, Dikrech a Betzdorf. Déi dräi Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. Fir déi dräi Rapporteure sinn insgesamt 30 Minutte virgesinn, 10 Minutte pro Rapporteur. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt.

Et sinn ageschriwwen déi Häre Scheuer, Belling, Jaerling, d'Madame Wagener an déi Häre Wohlfart a Lux. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 4917, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, ech schwätzen net.

M. le Président.- Et ass an der Rei.

### 2. 4917 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction par la Commune de Mamer d'un centre intégré pour personnes âgées à Mamer

### 4926 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction par la Commune de Mamer d'un centre intégré pour personnes âgées à Mamer

### 4923 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la transformation, la modernisation et l'extension de l'Institut St-Joseph à Betzdorf

***Rapports de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale***

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Projet de loi 4917 iwwert de Centre intégré zu Mamer gëtt am Fong geholl e Regierungsprogramm, deen an den 90er Joren opgestallt ginn ass, en nationale Programm fir den Drëtten Alter, ëmgesat, an zwar an engem ganze Package, dee mer haut duerch d'Chamber kréien, wou mer dräi Projeten duerchhuelen: de Projet Mamer, de Projet Betzder an de Projet Dikrech.

De 16. Januar hu mer eng Sitzung vun der Chamberkommissioun vun der Famill, fir och déi nächst Projeten Heeschdref a Fréiseng ëmzesetzen. Heimat finaliséiere mer Projeten, déi de 14. Mäerz 2002 an den 22. Februar 2002 vum Minister déposéiert goufen. Deen heite Projet iwwert de Centre intégré vu Mamer ass den 22. Februar 2002 déposéiert ginn. De Rapporteur gouf de 17. September genannt an de Rapport gouf den 12. Dezember ugeholl.

Wat de Projet elo ugeet am Detail, géif ech op de schréftleche Rapport verweisen, wou all d'Elementer vun dësem Projet dra stinn. Ech géif mer awer erlaben, trotzdeem Iech matzedeelen, dass dat e Centre intégré ass fir 120 Better, déi op dräi Stäck opgedeelt sinn, 40 Better pro Stack. Dat ginn dann op all

Stack véier Unitéite vun zéng Better. Deem Ganze gëtt nach e Foyer du jour an e soziotherapeutesche Grupp bäigesat. Déi Zëmmeren hunn a sech eng Gréisst vun 32,3 m².

Wann een de Projet esou kuckt, mierkt een, dass e sech wonnerbar integréiert an de Site Brill nieft der Gemeng zu Mamer. Déi Gemeng ass jo och ganz schéi restauréiert ginn. Dat Ganzt nieft dem Lycée Josy Barthel zu Mamer, géif ech mengen, wier e weidert Element, dat net nëmmen ënnersträicht, dass d'Gemeng Mamer an d'Uertschaft Mamer wierklech e würdege Chef-lieu si vum Kanton Kapellen, mä et ënnersträicht och déi politesch Dynamik, déi an der Équipe ronderëm de Buergermeeschter Gilles Roth, do ëm sech schléit, géif ech bal soen.

All d'Zëmmere kréien eng Kitchenette. Dat konnt Dir am schréftleche Rapport liesen. Dat mécht och Sënn, wann an den Haiser de Prinzip vum, wéi géif ech soen, Prix menu géif existéieren. Deen ass amgaangen ze kommen. Ech géif mengen, et wär wichteg, dass een dann dëst Konzept ëmsetzt. Wann dann déi Kiche benotzt gëtt, kéint een de Präis eventuell vun eenzelnen Zëmmeren erofsetzen.

Dofir muss ee sech och d'Fro stellen, ob et iwwerhaapt e Sënn mécht, fir an all déi Zëmmeren eng Kitchenette ze installéieren? Et weess ee jo, dass den Duerchschnëttsalter vun den eelere Leit zwëschent 80 a 85 Joer läit an et ass och gewosst - dat weess d'Madame Ministesch och -, dass 45% vun de Leit, déi an deenen Haiser sinn, nach just validant sinn. Déi aner Leit sinn invalidant. Dofir muss ee sech d'Fro stellen - ech wëll déi Diskussioun net haut lancéieren , mä trotzdeem d'Fro stellen -: Brauch ee wierklech fir eng fleegebedürftegt Persoun eng Kitchenette? Oder anescht gesot: Kann eng Persoun am Rollstull och nach kachen?

Par extension muss ee sech och d'Fro stellen, an ech wëll déi gären haut hei stellen, ouni elo wëllen doriwwer eng Diskussioun ze féieren, ob déi Zëmmer mat 32,3 m², ob dat net ze grouss ass? Ob een net sollt an Zukunft kucken, fir méi grouss a méi kleng Zëmmeren ze maachen? Dat misst ee kucken, dass een da vläicht géif eenzel Blocke vermëschen, wou een där enger an där anerer géif maachen.

Och de Séjour, den Openthaltsraum, ass an der Diskussioun, wéi ech weess vum Buergermeeschter vu Mamer. Et gëtt gemengt an hien huet och vu sengem Gemengerot dat ugeluecht kritt, ob een net sollt do vläicht Vakanzenzëmmeren dra maachen, well de Moment eng grouss Diskussioun dobaussen ass iwwer Vakanzenzëmmeren, fir där ze schafen? Et ass och gewosst, dass vill Leit am Fong geholl e Problem hunn, fir an de Vakanzen hir eeler Persounen, déi se an der Fleegeversécherung doheem hunn, ënnerzekréien. Dofir misst ee sech d'Fro stellen, ob dat net ubruecht wär, och wann ee weess, dass den Trend an deem Beräich deen ass, dass d'Leit am Fong geholl net méi sollen esou laang doheem bleiwen, anscheinend? Ech weess net, ob dat esou ass, mä et gëtt emol esou gesot? Souwisou, wann zwee Partner schaffe ginn, da kann ee keng Persoun doheem halen. An et ass jo och gewosst, wann d'Fleegeversécherung iwwer 12 Stonne geet, da muss een an en Heem, dann däerf een net méi doheem bleiwen.

Et ass och gewosst, dass am Fong geholl deen Drock, dee ganz oft op d'Leit kënnt, déi Persounen doheem hunn, déi fleegebedürfteg sinn, ganz schlecht ventiléiert gëtt. Ech géif also mengen, an dësem Beräich wär et wichteg, dass een do kuckt, wat d'Fleegeversécherung hiergëtt, a wéi een déi Problematik ka léisen. Kloer ass: Et ginn ëmmer méi Leit an d'Vakanz. Dofir sollt ee sech iwwerleeën, ob een net sollt an Haiser esou Fleegebetter fir Vakanzen abauen.

Ech wollt zum Finanzement vun deem Ganzen nach zwee Wierder soen. Dat Ganzt ass eng Konventioun, déi vum 29. September 1997 ass. Et ass awer en Avenant dozou komm de 5. August 1999. Dat Ganzt ass an der Regierung, den 1. August 1997 ugeholl ginn iwwert d'Participatioun vun 80%. Am Projet stoungen 19,315 Milliounen vun engem totale Montant vu 24,14 Milliounen, well pro Bett gëtt et jo 201.204 Euro. Dëse Montant ass vun der Chamberkommissioun erop gesat ginn op 20.541.449 Frang.

Deen Exercice, dee mer haut maachen, baséiert um Artikel 99 vun der Constitutioun, dee virgesäit iwwert den Artikel 80 vum Budgetsgesetz vun 1999, dass ee muss e Projet de loi maachen. D'Gemeng bezilt an dësem Projet 34 Milliounen. De Stat bezilt 20,6 Milliounen. Do feelen also grosso modo 14 Milliounen. Et ginn nach dräi Milliounen of iwwert d'TVA. Da feelen am Fong geholl nach 11 Milliounen. Dës 11 Milliounen ginn op aacht Gemengen opgedeelt. Aacht Gemengen, well d'Gemeng Habscht an d'Gemeng Käerch hu sech u Stengefort ugeschloss. Déi aner Gemenge sinn d'Gemeng Simmer, déi huele véier Better, d'Gemeng Kënzeg aacht, Dippech aacht, Gaarnech aacht, Koplescht aacht, Stroossen aacht, d'Gemeng Kielen 14 an d'Gemeng Mamer 62 Better vun deene ganzen 120 Better.

Gutt, de Käschtepunkt ass 34 Milliounen. Et ginn der 20,6 bezuelt. Et bleiwen nach 11 Milliounen. Dat sinn also relativ vill Suen. Dofir muss ee sech d'Fro stellen, an eng Kéier déi Diskussioun och féieren, ob de Subventiounssaz net ze déif ass, well dee jo Ufank den 90er...

**Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Et sinn 80%.

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV), rapporteur.*- De Subventiounssaz vum Basispräis, Madame Minister, vun deenen 201.204 Euro pro Bett, ob een deen net soll iwwerdenken eng Kéier? Dat ass jo awer relativ vill fir kleng Gemengen. Ech hunn Iech d'Gemeng Simmer genannt. Ech hunn Iech d'Gemeng Kënzeg genannt. Fir déi sinn dat awer relativ vill Suen. Dat sollt ee vläicht sech iwwerleeën.

**Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Also mir si bei deenen ale Suen, Här Halsdorf, bei 8,5 Milliounen. Wa mir mengen, datt dat nach net duer géing goen, als Basispräis, da musse mer eis awer emol iwwerleeën, wat mer da mengen, wat et misst kaschten?

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV), rapporteur.*- Ech hunn Iech dat heite gesot, dat ass e Wonsch vun de Gemengen.

**Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Neen, ech soen Iech et direkt, da brauch ech et herno net méi ze soen.

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV), rapporteur.*- Déi Gemengen an dem Kanton Kapellen hunn dee Wonsch, an ech wollt Iech dee matdeelen.

Ech wollt Iech och nach matdeelen, dass de Statsrot dëse Projet, de 16. an den 18. Juni 2002 aviséiert huet, an op Amendementer vun der Kommissioun hin de 26. November 2002. Et ass also esou, dass mer en amendéierte Projet hunn. An do ass eng grouss Diskussioun festgeluecht ginn iwwert de finanziellen Engagement vum Stat iwwert d'Konventioun.

Ech géif mengen, de Paul-Henri Meyers sollt do herno a sengem mëndleche Rapport dësen Aspekt vum Statsrot eng Kéier nach am Detail ervirbréngen, wéi hien et och gemaach huet an der Kommissioun selwer. Hie war jo fréiere Member vum Statsrot an hie soll dann, well et mécht nëmme Sënn, deen eemol hei ze bréngen, well et ass dräimol déiselwecht Problematik, déi an deenen dräi Projete behandelt gëtt an et geet duer, wa mer déi eemol virbréngen.

Et geet och elo duer mat deem, wat ech Iech gezielt hunn zu dësem Projet. Ech géif Iech nach matdeelen, dass dëse Projet eng grouss Unanimitéit an der Kommissioun fonnt huet, an dass e sécherlech och den Accord vun der CSV-Fraktioun fënnt. Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 4926, den Här Paul-Henri Meyers.

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 4926 ass de 14. Mäerz 2002 an der Chamber déposéiert gi vun der Familljeministesch. Den Avis vum Statsrot koum den 18. Juni 2002. Déi zoustänneg Kommissioun huet de Projet de 17. September analyséiert an een Amendement eraginn, deen de 26. Oktober 2002 vum Statsrot aviséiert ginn ass.

Duerch dësen Projet gëtt de Stat autoriséiert, fir sech finanziell un der Moderniséierung an um Ausbau vun dem Fleegeheim an deem ale Spidol zu Dikrech ze bedeelegen, mat engem Betrag vu 17.309.272 Euro, festgesat nom Bauindex vum 1. Abrëll 2002 um Stand vu 563,36. Well déi Bedeelegung hei vum Stat iwwer e Betrag vu 7,5 Milliounen Euro erausgeet an domat d'Limitë vum Artikel 99 vun der Verfassung a vum Gesetz vum 8. Juli 1999 iwwerschrëtt, muss d'Bedeelegung vum Stat duerch ee Gesetz autoriséiert ginn.

Wat de Prozentsaz vun 80% ugeet, huet d'Regierung sech de 25. Mee 2002 op déi 80% festgeluecht, well dësen Projet engem urgente regionalen an nationale Besoin entsprécht. Duerch de Projet gëtt d'Fleegeheim vun Dikrech modernisëiert an deenen heitegen Exigenzen ugepasst. Et ass ënnerbruecht an engem ale Spidol.

Dat architektonescht Konzept vun dësem Bau ass esou ausgeluecht, dass déi Neierungen déi kommen och den Erfuerdernisse vun deenen eelere Pensionären entsprécht. Dat heescht, dass duerch eng besser Funktionalitéit vun de Raimlechkeeten och d'Leit kënne besser schaffen. Et gëtt méi rationell gemaach. Et gëtt modern équipéiert. Duerch de Bau vun zousätzlechen 22 Zëmmeren gëtt och déi wirtschaftlech Rentabilitéit vun dësem Etablissement verbessert.

De Projet reit sech an d'Zuel vun deenen an, déi et sollen erlaben, am Kader vun dem Programm, deen de Jean-Marie Halsdorf schonn erwähnt huet, op déi 1.606 Better ze kommen, déi och an deem allgemengen nationale Programm enthale sinn.

De Projet huet Ulass ginn zu dräi Diskussiounen an der Kommissioun, an och am Avis vum Statsrot. Deen éischte Problem betrëfft de Choix vun dem Referenzbauindex, deen am Projet zréckbehale sollt ginn. D'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire, en accord mat der Cour des Comptes an dem Ministre du Trésor, huet virgeschloen, dass an Zukunft als Referenzbauindex deen Index zréckbehale soll ginn, deen am noosten an am leschten den Indexstand am Bauindex erëmgëtt. D'Familljekommissioun huet deem Virschlag zougestëmmt an huet och dofir de Bauindex, wéi en am Ufank urspréinglech am Projet virgesi war, ofgeännert an dee leschten Bauindex zréckbehal. Dat ass eng allgemeng Regel, déi an Zukunft och an all deene Projete soll zréckbehale ginn.

Een zweete Punkt, deen zur Diskussioun Ulass ginn huet, war dee vun den Zënsen, déi vum Stat sollen iwwerholl ginn. D'Regierung hat proposéiert, dass de Stat déi Zënse soll iwwerhuelen. De Statsrot hat allerdéngs du virgeschloen, dass d'Zënsen eréischt géife lafe vun deem Dag u wou d'Gesetz géif a Kraaft trieden. D'Kommissioun war allerdéngs mat där Approche vum Conseil d'Etat net d'accord, an zwar aus zwou Ursaachen. Éischtens well d'Regierung selwer an enger Konventioun mat deene respektive Bauhären, oder Bauträger, festgehalen hat, dass d'Zënse ganz iwwerholl solle ginn. Doduerch war also een Engagement vun der Regierung entstanen, an et hätt een och kënnen dovun ausgoen, wa mer een anere Bauindex virgesinn hätten, dass eventuell d'Bauträger d'Regierung geriichtlech hätte kënnen usiche fir hiert konventionellt Engagement och anzehalen. Zweetens war d'Kommissioun der Meenung, dass een dem Bauhär, oder de Bauhären, fir déi dräi Projeten, net kéint Retarden oplaaschten, déi entstane wieren duerch d'Procédure législative. Wann ee Projet laang Zäit brauch misst also och gewaart gi mam Bau bis definitiv dat Gesetz gestëmmt war. Or, déi Projete sinn am gudde Glaf ugefaange ginn, an dofir ware mer och der Meenung, dass ee soll den Text vun der Regierung, wat d'Iwwerhuele vun den Zënsen ugeet, bäibehalen. Mir hunn dem Statsrot dat och matgedeelt. Et war iwwregens en aneren Amendement nach gemaach ginn. De Statsrot huet dann deenen Iwwerleeungen - schwéieren Häerzens, muss ee soen - och zougestëmmt.

En drëtte Punkt, de Statsrot huet virgeschloen, dass am Text misst virgesi ginn, iwwer wéi ee Fong, oder op wéi engem Fong, déi Ausgabe géifen imputéiert ginn. Do hat de Conseil d'Etat virgeschloen, dass dat de Fonds d'investissment social et sanitaire soll sinn. D'Kommissioun war awer der Meenung, dat wär falsch. Mir sinn an d'Richtung gaang vum Conseil d'Etat, dass ee schonn de Fong soll virgesinn, mä dat wier awer de Fonds spécial pour le financement des infrastructures socio-familiales, wat eiser Meenung no och richteg ass. Et ass och deen Text, deen am Projet zréckbehale ginn ass.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, dat war dat, wat zu deem Projet ze soen ass. Étant donné dass d'Kommissioun unanimement deem zougestëmmt huet, géif ech och wënschen, dass hei d'Chamber dee Projet unanimement géif stëmmen.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 4923, déi honorabel Madame Marie-Josée Meyers-Frank.

**Mme Marie-Josée Meyers-Frank** *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech si besonnesch frou Iech haut de virleiende Projet 4923 virzestellen, deen de Stat autoriséiert d'Transformatioun, d'Modernisatioun an d'Extensioun vum Institut Saint-Joseph zu Betzder 100%eg ze finanzéieren. Well et ëm den Institut vu Betzder geet, wat eng Uertschaft a menger Gemeng ass, an déi Matbewunner mir besonnesch um Häerz leien, sinn ech frou, datt d'Kommissioun mech als Rapportrice vun dësem Projet ernannt huet, a virun allem, well dëse Projet e besseren Encadrement vun eise behënnerte Matbierger virgesäit.

D'Betreiung vu behënnerte Mënschen ass eng bal honnertjähreg Traditioun am Institut Saint-Joseph zu Betzder, dee sech am Laf vu sengem Bestoe mat der Betreiung vu schwéierst behënnerte Mënsche spezialiséiert huet. Ongeféier 110 Persoune wunnen haut am Institut. Mat dësem Projet gi weider 70 infrastrukturell Méiglechkeete geschaaft. Den Institut wäert och an Zukunft de behënnerte Mënschen Dagesopfangstrukturen ubidden. De Projet gesäit nämlech vir, an deenen ale Gebaier, wou momentan Pensionäre wunnen, spéiderhin eng Betreiung vun 173 Mënschen ze garantéieren.

Trotz villen Ustrengungen, déi an de leschte Jorzéngten ënnerholl gi si fir de Pensionären eng qualitativ héichwäerteg Betreiung unzebidden, läit et op der Hand, datt d'Gebaier net méi den Ufuerderunge vun haut entspriechen. Dofir ass et wichteg, datt dat heiten och haut hei an der Chamber d'Zoustëmmung fënnt. Et war am Ufank Rieds d'Gebaier nëmme punktuell ze sanéieren, mä do ass ee schnell zur Konklusioun komm, datt dat, ofgesi vum finanziellen Aspekt, net méiglech wier. Et ass beschloss ginn d'Gesamtgebailechkeeten ze moderniséieren an ëmzebauen, respektiv ofzeräissen a frësch erëm opzebauen.

An dësem Kontext ass ze bemierken, datt d'Ofräissen an den Neibau vu verschiddene Gebaier eréischt nodréiglech décidéiert ginn ass, well verschidde Restauratioune virgesi waren, awer einfach aus Statistiksgrënn net méiglech sinn ze realiséieren. Dës Entscheedung wäert awer näischt un der finanzieller Bedeelegung vum Stat änneren, déi sech op 39.656.401 beleeft, op Basis vun der Indexzuel vun de Präisser am Bautewiesen, déi all halleft Joer fixéiert gëtt.

Villes sprécht fir de Standuert Betzder. E groussen Deel vun de Pensionäre vum Institut liewe säit hirer Kandheet zu Betzder a si hunn zu Betzder hiert doheem fonnt. Ech kéint mer schlecht virstellen, dass dës Leit, déi elo an hirer Communautéit agelieft waren, op enger anerer Plaz am Land hiert doheem misste fannen. Dofir soen ech och der Madame Minister ganz häerzlech merci, datt si drop gehalen huet, fir de Standuert Betzder bäizehalen. Merci villmools!

Wat och fir de Standuert Betzder sprécht, ass, datt den Institut Betzder iwwert e grousse Park verfügt, deen extra fir behënnert Leit, inklusiv Schwéierstbehënnerter, aménagéiert gëtt. Den Aménagement dréit den ekologesche Wäerter Rechnung a gëtt domadder och eng Opwäertung vum gesamte Site. D'Integratioun vu Behënnerten ass eng Realitéit an eiser Gemeng. Si gehéieren zu eis an huelen um gesellschaftleche Liewen zu Betzder deel. Den Architekt huet awer och drop gehalen, de Caractère rural ze respektéieren, an domat een Deel vun eisem Patrimoine culturel ze erhalen, wat begréissenswäert ass.

Ech fannen et och ganz gutt, datt den Aarbechtsberäich vum Wunnberäich getrennt gëtt. Den Nodeel ass awer deen, datt eng Strooss de Wunn- an den Aarbechtsberäich trennt. Dofir war et eis wichteg vun der Gemeng aus Kontakter mat Ponts et Chaussées opzehuelen, fir déi Problematik ze erläuteren. Mir wäerte sécherlech an där Zon herno eng Zon 30 maachen.

Momentan funktionéieren nach Wunngemeinschafte mat 12 Leit, wat awer pädagogesch net sënnvoll ass, an dofir ass proposéiert ginn, Strukture mat véier, sechs, maximal aacht Bewunner virzegesinn. De Projet gesäit och Méiglechkeete vir, fir Demandë vu kuerzfristegem Openthalt Rechnung ze droen. 22 Unitéite sinn dofir virgesinn. Dëst ass och e weidere Schrëtt, fir déi bestoend Lakunen op dësem Niveau ze résorbéieren.

E weideren Avantage vum Projet läit doranner, datt d'Wunnunitéiten, déi am Prinzip fir eng Persoun geduecht sinn, esou aménagéiert ginn, datt och d'Méiglechkeet ge-

schafe gëtt, déi Unitéiten ze verbannen. Ech begréisse ganz staark d'Tatsaach, datt mer niewent der Erneierung an der Modernisatioun vum Institut, ee Centre d'accueil fir behënnert Leit schafen, deen niewent enger traditioneller 24 Stonnen op 24 Stonne-Betreiung och verschidden aner Aktivitéiten ubitt, déi souwuel vun internen, wéi vun externe Leit benotzt kënne ginn. Dat ass virun allem interessant fir Jugendlecher iwwer 15 Joer, déi net méi schoulflichteg sinn an déi dann am Institut Saint-Joseph nei Aktivitéits- an Integratiounsméiglechkeeten ugebuede kréien.

De Stat dréit déi ganz Finanzéierung vum Projet, well de virleiende Projet passt an de Kader vum nationale Programm fir behënnert Leit. A well dëse Projet engem urgenten, nationalen a regionale Besoin u spezifeschen Infrastrukture fir behënnert Leit Rechnung dréit, huet de Regierungsrot décidéiert, op Basis vum Artikel 13 vum ASFT-Gesetz vun 1998, eng honnertprozenteg staatlech Finanzéierung ze autoriséieren, wouriwwer den Institut Iech ganz dankbar ass.

Wat d'Methodologie vun der Finanzéierung ugeet, verweisen ech Iech haut op dat, wat den Här Meyers elo just gesot huet, respektiv den Här Halsdorf, am Kader vun de Gesetzesprojeten 4917 an 4926.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et geet aus enger Ëmfro op europäeschem Niveau ervir, datt 38 Millioune Fraen a Männer behënnert sinn. Dat mécht 10% vun der europäescher Populatioun aus. Trotz villen Efforte bleift awer nach vill ze maachen, fir datt eis behënnert Matmënschen an eiser Gesellschaft integréiert ginn. Dëse Projet dréit op seng Aart a Weis dozou bäi, well en net nëmme sech zum Zil gesat huet behënnert Mënschen ze betreien an therapeutesch ze versuergen, mä hinnen och, hire physeschen a psychesche Kapazitéiten no, d'Méiglechkeet gëtt, sech an der Gesellschaft an an der Aarbechtswelt ze integréieren.

Zum Schluss géif ech gäre jiddferengem merci soen, deen am Institut mat Behënnerte schafft, an dat net nëmme bei eis an der Gemeng mä am ganze Land. 2003 ass jo internationaalt Joer vun de Behënnerten deklaréiert ginn. Et ass d'Flicht vun der Politik a vun der Gesellschaft sech fir d'Rechter an d'Uspréch vun de Behënnerten anzesetzen. All ze oft ginn awer hir Talenter an hir Kreativitéit ënnerschätzt. Hir Fäegkeete solle mir awer notzen, well si kënnen eng Beräicherung fir eis Gesellschaft sinn.

Ech si frou, datt an der Kommissioun dëse Projet unanime ugeholl ginn ass an hoffen, datt en hei am Plenum och eng unanime Zoustëmmung fënnt. Ech ginn den Accord vu menger Fraktioun. Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Georges Wohlfart agedroen. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Georges Wohlfart *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi dräi Projeten, déi de Mëtteg hei um Programm stinn: de CIPA Mamer, den Ausbau an d'Moderniséierung vun der Maison de Soins zu Dikrech, an dann och den Ëmbau an d'Moderniséierung vum Institut Saint-Joseph zu Betzder, si Projeten - d'Rapporteuren hunn et an hirem mëndleche Rapport allen dräi gesot -, déi eestëmmeg an der Kommissioun ugeholl gi sinn.

Déi Projeten entspriechen engem nationale Besoin. Dat geet eleng aus der Tatsaach ervir, dass laut dem Artikel 13 vum ASFT-Gesetz, wat d'Finanzéierung ugeet, hei all Kéier ganz héich Tauxen agesat ginn, wéi Dir dat jo selwer gesot hutt. Zu Mamer 80%, och bei der Maison de Soins zu Dikrech 80%, a beim Institut Saint-Joseph 100%.

Wat ech just wollt ervirsträichen no deene relativ exhaustive Berichter vun de Rapporteuren, deenen ech wéilt merci soen, fir hir schréftlech a mëndlech Rapporen. Besonnesch beim CIPA Mamer ass et ee Projet dee regionale Charakter opweist. Ech sinn och mat der Madame Minister d'accord, dass wann do de Stat sech zu 80% bedeelegt, dass awer dann dat wat iwwreg bleift misst kënne vun deene sechs oder siwe Gemengen - ech weess elo net méi genau, wéivill dass et der sinn - am Intérêt vun hiren eelere Matbierger mat finanzéiert ginn.

Wat den zweete Projet ugeet, dee vum Sacré-Coeur vun Dikrech, wou 97 Fleegebetter derbäikommen, esou ass dat e Projet, deen op d'Joer 1998 zréckgeet, wou schonn éischt Iddien do ware fir den Ausbau an d'Moderniséierung vun deem Haus. Deemools hu mer d'ASFT-Gesetz geschafen, an et huet ee Moment ausgesinn, op jidde Fall war dat am Ministère vun der Santé esou, wéi wann eng Rei potentiell auslännesch Investisseure kéimen, déi eis géifen hëllefen de Problem vun de Fleegebetter ze léisen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stellen haut de Mëtteg fest, dass mer an deene leschte Méint a Joren eng Rei vun Initiativen hei gestëmmt hunn, déi awer alleguer op Lëtzebuerger Initiativen zréckginn, ob dat de Stat, Gemengen oder Privatträger sinn, awer vun deenen auslännesche potentiellen Investisseuren hunn ech nach keen hei um Terrain gesinn. Dofir sinn ech frou, dass awer nach ëmmer Gemengen a Privatträger hir Verantwortung iwwerhuelen an de Stat do mat investéiert.

Dir Dammen an Hären, mir schwätzen de Mëtteg iwwer e Gesamtinvestissement, wat de Stat ubetrëfft - wann ech gutt zesummegerechent hunn -, vun 46,4 Milliounen Euro. Dat sinn eppes méi wéi 3 Milliarden al Lëtzebuerger Frang. Dat ass eng Zomm, déi importent ass, mä et ass Geld wat, menger Meenung no, gutt ugeluegt ass.

Mir sollen eis awer och näischt virmaachen, well mer hunn nach ëmmer e Bettekäschtepunkt pro Patient, wann ech dat esou ka formuléieren, vu ronn 9,4 Millioune Lëtzebuerger Frang, a wa mer dann nach wëlle verschidde Saachen a Fro stellen an nach ëmmer eppes wëllen dropleeë wat d'Infrastrukturen ugeet oder de Confort, da musse mer eis och emol d'Fro stellen, bei wat fir engem Chiffer mer herno erauskommen an ob dat wierklech nach ze finanzéieren ass.

Dat gesot, wëll ech och hei den Accord vu menger Fraktioun zu deenen dräi Projete bréngen, ouni awer nach wëllen e Wuert net gesot ze hunn iwwert den Institut Saint-Joseph, deen, an et ass hei scho gesot gi vun der Rapportrice, eng ganz laang Traditioun huet an der Betreiung vun de Schwéierstbehënnerten zu Lëtzebuerg. Wann ee schonn eng Kéier op der Plaz selwer war, da weess een, dass hei déi Moderniséierung an déi Neigestaltung vun deene Raimlechkeeten eng absolut Noutwendegkeet ass. Och hei si mer deene Leit an onser Gesellschaft, déi mat engem schwéieren Handicap musse liewen, an och hire Familljen, et schëlleg, dass mer als Stat eis Verantwortung iwwerhuelen an deene Leit, déi Infrastrukturen zur Verfügung stellen, déi hinnen et erlabe mënschewierdeg ze liewen a lues a lues e gewëssenen Integratiounsprozess an eiser Gesellschaft matmaachen ze kënnen, fir sech doduerch lues a lues besser upassen ze kënnen. Dofir, wéi gesot, d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

Ech wollt am Fong geholl nach der Madame Minister, wa se erlaabt, dräi Froe stellen:

Madame Minister, virun enger Rei Joren, nach net esou laang hier, ass ëmmer erëm geschwat gi vun enger absoluter Pénurie wat d'Fleegebetter ugeet. Et sinn Zuele genannt ginn, déi heiansdo grouss Ecarten opgewisen hunn, jee nodeem wéi een d'Zuelen interpretéiert huet vun de Leit, déi op e Fleegebett gewaart hunn.

Kënnt Dir ons soen, Madame Minister, wéivill Leit de Moment nach op e Fleegebett waarden an op enger Waardelëscht stinn?

Mir hu virun enger Rei Méint an dësem Haus den CIPA vu Wolz als Projet gestëmmt. Ech wollt just nofroen, wéini dass do, Ären neisten Informatiounen no, d'Aarbechten ulafen?

Déi drëtt Fro, an déi wonnert Iech och net, wann ech déi als Norddeputéierte stellen: Wéi wäit sinn d'Pläng, wat den CIPA Ettelbréck ubelaangt? Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Belling agedroen. Den Här Belling huet d'Wuert.

M. Jeannot Belling *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gesetzestexter, déi mer haut diskutéieren, sinn an der Kommissioun vun der Famill an der sozialer Solidaritéit virbereet ginn. Ech wëll dofir onbedéngt, ier ech zum eigentlechen Thema kommen, der Madame Marie-Josée Meyers-Frank, dem Här Paul-Henri Meyers an dem Här Jean-Marie Halsdorf fir hir exzellent schréftlech a mëndlech Rappore félicitéieren a merci soen.

Déi zwee Haiser, de Centre intégré zu Mamer an d'Maison de Soins zu Dikrech, si weider Etappen an der Realisatioun vu wichtege Projete fir eis eeler Matbierger. De Projet vu Betzder muss een am Kader vum nationale Programm fir handicapéiert Persoune gesinn. Hei wäerten net nëmme Leit en Ënnerdaach fannen, deen hirem Handicap ugepasst ass, mä et gëtt hinnen an och anere Jugendlecher, déi als Extern an den Institut Saint-Joseph kommen, eng adaptéiert Beschäftegung ugebueden.

Dëse Projet ass ze begréissen, well en erlabe wäert de Manktum un Infrastrukture fir den Accueil an d'Beschäftegung vun eisen handicapéierte Matbierger deelweis opzehiewen. Ech weess, dass dat hei Projete sinn, wat am Fong Bauteprojete sinn. Ech wollt awer trotzdeem a menger Interventioun e bëssen op d'Moossnamen en faveur vun den eelere Leit agoen, well eiser een alt net esou oft d'Geleeënheet kritt hei däerfen ze schwätzen. Dofir profitéieren ech elo déi Minutten dovun, an da probéieren ech dat ze soen, wat ech denken. Am Koalitiounsaccord...

Une voix.- Passt op, den Här Rippinger kënnt geschwënn.

M. Jeannot Belling *(DP).*- Dofir tommelen ech mech, dass den Här Rippinger net alles matkritt.

***(Hilarité)***

Am Koalitiounsaccord vum August 1999 ass festgehale ginn, dass eng besser Koordinatioun am Beräich vun der Politik fir déi eeler Persoune sech imposéiert. Dofir huet dës Regierung festgehalen, dass d'Kompetenzen an dësem Beräich, déi virdru beim Familljeministère a beim Gesondheetsministère louchen, esou wäit wéi méiglech solle regruppéiert ginn. Dëst soll et erméiglechen, dass een d'Besoine besser kann agrenzen, well et zu enger verbesserter Koordinatioun tëschent de Besoinen am Beräich vun de Maisons de soins, respektiv de Centres intégrés komm ass, an ech mengen, dat kann een hei roueg soen, ouni mat iergendengem Buttek ze kréien. Am Moment ass e beim Familljeministère an deene beschten Hänn, Madame Ministesch. D'Diskussioun, déi mer haut féieren, ass eng Konsequenz dovun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Unzuel vun de Leit iwwer 65 Joer huet sech während deene leschten 100 Joer vervéierfacht. Si stellen am Moment 10% vun eiser Populatioun duer, an dee Prozentsaz wäert an den nächste Joren a Jorzéngte mat Secherheet stänneg wuessen. Dës demographesch Evolutioun wäert grouss politesch an ekonomesch Implikatiounen hunn, iwwert déi mer schonn dës Öfteren heibannen debattéiert hunn. Si stellt eng grouss Erausfuerderung duer, net nëmmen um Niveau vun der sozialer Gesondheetspolitik, mä och wat de Logement betrëfft. Et ass an eisen Aen essentiell, dass déi eeler Leit als Citoyens à part entière, wéi et an engem vun de Rappore formuléiert ginn ass, ugesi ginn. Si mussen iwwert déi beschtméiglech Liewenskonditiounen disposéieren, och am Beräich vum Logement. E Projet wéi deen, deen zu Mamer realiséiert gëtt, bitt dofir eng ganz Rei vun Avantagen.

Mir mussen assuréieren, dass mer de Choix hunn, wéi a wou mer déi lescht Etapp vun eisem Liewe verbrénge wëllen. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den nationale Programm fir déi eeler Bierger gesäit den Haaptakzent op der Entwécklung vun all de Moossnamen, déi den eelere Leit et géingen erlaben, an do sinn ech net grad averstane mat mengem Frënd Jean-Marie Halsdorf, doheem an hirem gewinnte Kader esou laang wéi méiglech ze bleiwen. D'Dispositioune wéi Aide à domicile, Repas sur roues, Tele-Alarm an Dagesfoyere sinn exzellent Moossnamen, a mir begréissen hiren Ausbau ganz ausdrécklech.

Mä, Här President, mir mussen awer och feststellen, dass de Maintien à domicile seng Grenzen huet. Et ass muenchmol net méiglech all déi Hëllefen a Soinsen enger eeler Persoun doheem ze ginn. Op där anerer Säit ginn et Leit, déi et virzéien, och wa se nach ganz valid sinn, an e Centre intégré wunnen ze goen, well se fäerten, dass se doheem zevill sozial isoléiert sinn. Et ass jo ëmmer manner de Fall, dass déi eeler Leit bei hirer Famill wunne bleiwe kënnen an och do versuergt gin. Dëst ass eng Tatsaach, och wa se ze bedaueren ass.

Mir mussen also deemno d'Offer vun den Infrastrukture fir eis eeler Matbierger weiderhinn upassen. D'Philosophie vum Centre intégré war an eisen Aen dee richtege Wee. Hei kënnen d'Leit engem selbstännege Liewen nogoen, sinn awer gutt entouréiert wann et noutwendeg ass. Si ginn esou och net aus hirem gewinnte Kader erausgerappt, wann hir Gesondheet an hir Validitéit ofhuelen. Et stellt sech allerdéngs d'Fro, ob d'Konzept vum Centre intégré net u seng Grenze stéisst. Et muss een nämlech feststellen, dass an de leschte Joren déi Leit, déi an e Centre intégré wunne koumen, emmer manner valid sinn. Dëst ass a mengen Aen en Zeechen, dass d'Efforten, fir d'Leit esou laang wéi méiglech doheem ze loosse mat der Hëllef vu Servicer, déi Soins an Aide à domicile ubidden, erfollegräich sinn. Dës Tatsaach ass ouni Zweifel luewenswäert a positiv ze bewäerten.

Allerdéngs géing ech proposéieren d'Konzept vum Centre intégré ze iwwerdenken, well ech sinn der Iwwerzeegung, dass mer net derlaanscht kommen d'Diskussioun ze féieren, ob d'Gériatrieën net emmer méi u Wichtegkeet gewannen, esou wéi dat an den Nopeschlänner, zum Beispill an Holland an an Dänemark, an d'A gefaasst gëtt. Wann d'Bewunner vun de Centres intégrés iwwer manner Validitéit verfügen, da muss d'Unzuel vu qualifizéiertem Personal selbstverständlech erhéicht gin. Vü dass d'Personalkäschten awer 50% vun de Gesamtkäschten ausmaachen, wäert dat Reperkussiounen op de Loyer hunn, e Loyer, dee sech da manner eeler Matbierger leeschte kënne, wat natierlech de Fonds national de Solidarité op de Plang misst ruffen.

Dat, Dir Dammen an Dir Hären, schéngt mer eng vun de groussen Erausfuerderungen, niewent dem Manktum u pure geriatresche Better, déi sech der Politik op dësem Gebitt stelle wäerten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir vun der DP begréissen ausdrécklech dës dräi Projeten. Et ass selbstverständlech och aus deem Grond, wou ech déi ganz grouss Freed hunn Iech den Accord vun eiser Fraktioun zu dëse Projeten ze ginn.

Ech profitéiere selbstverständlech elo dovunner, ier ech Iech merci soe fir d'Nolauschteren, fir Iech alleguer schéi Feierdeeg ze wënschen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass kloer, dass mir als ADR och déi Projeten hei begréissen an och wäerten ënnerstëtzen. Et schéngt eis ganz wichteg, dass besonnesch am Beräich vun de Fleegeheimer, Altersheimer an an deenen anere Strukturen, déi dozou gehéieren, e Fortschrëtt kënnt an dass mer lues a lues awer ufänken déi Pénurie, déi an deem Beräich besteet, opzefänken.

Mir sinn och frou, dass et hei en extrae Fong gëtt, deen déi Finanzementer do garantéiert. Deemools, wéi dee Fong geschafe ginn ass, nodeem dass eng Rei Dysfonctionnementer do waren, si mer frou, dass elo e Fong do ass, dass een endlech weess vu wou d'Sue kommen a wou se higinn.

Just nach eng Fro un d'Mme Minister. Ass et méiglech gewuer ze ginn, wat dann elo nach effektiv bleift a wivill Projeten een an Zukunft an dëser Form nach domadder ka finanzéieren?

Ech mengen, mir sinn hei um richtege Wee, fir déi Pénurie opzefänken, déi am Fleegeberäich besteet. Wat eis awer och wichteg erschéngt, dat ass, dass muss kloer ervirgoen, dass an deene Fleegeheimer wou ausgebaut gëtt, kloer am Gesetz stoe bleift, wivill Fleegepersonal dass muss do sinn, fir déi Leit effektiv an optimal ze fleegen an dass et net duergeet, dass einfach iergendwou e Fleegeheim opgemaach gëtt an dass dann do geschalt a gewalt ka gi wéi ee wëllt. Et muss ëmmer dofir gesuergt ginn, dass am Interesse vum Patient, am Interesse vun deene Leit, déi gefleegt ginn, dat néidegt Personal do ass, sief et Infirmieren, sief et Dokteren, mä och anert Fleegepersonal, dat dofir noutwendeg ass. Dat schéngt mer niewent deem finanziellen Engagement awer och en Engagement ze sinn, dat an Zukunft muss onbedéngt erhale bleiwen.

Domadder ginn ech dann och den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- Als lescht Diskussiounsriednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Ech stelle fest, dass mer mat deem heite Projet nees eng Kéier een hunn, wou mer 120 Better hunn op enger Plaz, wat fir mech e relativ grousse Projet ëmmer nach ass, a wou pro Stack 40 Zëmmer virgesi sinn. Déi 40 Zëmmer deele sech op op 10 Zëmmer,

déi da gruppéiert sinn zu enger Unitéit all Kéiers. Trotzdeem stellt een awer hei fest, och wann ee sech d'Pläng ukuckt, datt een ëmmer nach a Presenz vu laange Gäng ass, wou d'Zëmmeren niewent enaner gereit sinn, sou datt ech erëm eng Kéier hei wëllt déi Fro opwerfen, ob mer net um Niveau vun der Architektur nach méi Efforte misste maachen, wann et ëm en altersgerecht Baue geet?

Den Här Halsdorf huet virdrun d'Fro opgeworf, ob 32 Quadratmeter fir esou en Zëmmer net ze grouss wär? Ech muss soen, ech gesinn dat net esou. Ech denken, dass och eeler Leit, a grad och vläicht Leit, déi net méi esou valid sinn, oder och Leit, déi handicapéiert sinn, duerchaus Usproch kënnen erhiewen op e bësse Raum.

…an dass 32 m? am Fong wierklech e Minimum sinn, dee mir menger Meenung no do misste ginn. Datselwecht gëllt och fir d'Thema Kitchenette, wou ech denken, dass d'Leit, egal wéi gutt datt se gesondheetlech nach sinn, trotzdeem a verschiddene Situatiounen duerchaus kënnen d'Bedürfnis an och d'Méiglechkeet hunn, fir sech heiansdo nach eppes Klenges ze kachen. An dofir sollte se och déi Méiglechkeet behalen.

Eng Fro just och an deem Kontext. Mir haten aner Centres intégrés wou d'Diskussioun war, oder wou et am Projet och virgesi war, fir d'Méiglechkeet virzegesinn, fir zwee Zëmmeren ze verbannen? Ech weess net, ob dat hei de Fall ass? Um Plang konnt ech dat esou net gesinn. Do kann d'Madame Ministesch mir vläicht herno Opklärung ginn?

En zweete Punkt betrëfft d'ekologesch Bauweis. Beim Mamer Projet gëtt geschriwwen, dass d'Bauweis sech géif um ekologesche Leitfuedem vum Ministère de l'Environnement orientéieren. Et stellt een dann awer fest, wann et ëm d'Energiethematik geet, dass deen Thema do relativ diskret ofgehandelt gëtt. Et schéngt sech hei ëm en traditionellt Heizungssystem ze handelen. Vu dass ech nei an der Familljekommissioun sinn an déi Kommissioun vu mengem Kolleeg Camille Gira iwwerholl hunn, wollt ech mech net zevill wäit virwoen. Vläicht hutt Dir vill Diskussiounen driwwer gefouert. Mä trotzdeem stellen ech awer fest, dass am Rapport net ganz vill driwwer ze liesen ass, an och net am Projet de loi.

A vu dass ech mech och schonn an der Travaux-publics-Kommissioun ganz vill mat deem Thema beschäftegt hunn, wäert ech dat dann hei och nach eng Kéier maachen an d'Fro stellen, ob mer net och hei missten Efforte maachen, wann et ëm Cogeneratioun geet? Zum Beispill huet d'Madame Meyers-Frank mir gesot, dass zu Betzder dat duerchaus virgesinn ass, esou dass ee sech d'Fro ka stellen, ob dat bei deenen anere Gebaier, déi mir hei mat finanzéieren, och de Fall ass?

***(Interruption)***

Här President, ech kommen dann zu mengem leschte Punkt, nämlech deen, awéiwäit datt de Stat Moyenen huet, vu dass et sech jo ëm Konventiounen handelt mat privaten Träger, oder ob déi dann hir eege Virstellungen an deene Beräicher do duerchsetzen?

Ech denken, datt wann ee Konventioune mécht, de Stat dann net nëmmen d'Méiglechkeet, mä esou guer eigentlech d'Flicht huet fir eng Rei vu Kritären opzestellen. Ech weess net, ob et esou Kritäre ginn, déi schrëftlech festgehale sinn, mä menger Meenung no misst et der ginn, esouwuel wat d'Bauweis betrëfft, en altersgerecht Bauen, wéi ech virdru scho versicht hunn et ze beschreiwen, wéi awer och wat eng ekologesch Bauweis betrëfft. Ech denken, dass de Stat do jo um Hiewel sëtzt, fir kënnen eng Rei vu Konditiounen ze stellen. An dofir géif ech mer wënschen, datt mir bei zukünftege Projete vläicht méi staark op déi dote Kritäre géifen agoen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Familljeministesch Madame Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif fir d'éischt wëllen all deenen, déi hei gehollef hunn, datt mer nach esou kuerz virun der Vakanz déi dräi Projeten evakuéiert kréien, e grousse Merci soen. Selbstverständlech der Madame an den Häre Rapporteuren, mä awer och all deenen anere Leit, déi hiert dozou gedoen hunn, fir dass mer dat haut kënne maachen.

Ech denken net, datt d'Projeten u sech hei kontestéiert goufen. Iwwert dëst oder dat kann ee sech selbstverständlech, wéi bei alles, Froe stellen, mä generell ass jo hei, wann ech dat richteg gesinn, d'Zoustëmmung vu sämtleche Fraktiounen zougesot ginn.

Dat, wat mir bei deene Projeten eigentlech am meeschten um Mo läit, dat ass, dass mir enorm laang Zäit brauchen, vun deem Moment u wou mer plangen, bis dee Moment wou et realiséiert gëtt, wat och dozou féiert, datt eng ganz Partie vun neien Erkenntnisser, déi jo hei vun deene verschiddenen Deputéierte gefrot goufen, eigentlech net méi ëmmer konnte berücksichtegt ginn, well et, wéi gesot, eemol zevill laang dauert.

Mamer ass elo och nach e Paradebeispill. Do si mir a sechs Joer fäerdeg, vun deem Moment u wou geplangt gouf, bis déi éischt Leit kënnen dragoen.

De Georges Wohlfart hat hei gefrot no Wolz. Do ass virgesinn, fir am September 2003 unfänken ze bauen. Wa mir dat gesinn, da si mir ongefeier bei zwielef Joer, ier do deen éischte Pensionär wäert kënnen anzéien.

Bei Ettelbréck dauert et nach méi laang. Well do waren d'Diskussioune ewell méi fréi amgaange gewiescht, an esou wéi et elo ausgesäit, wat awer net eng Fro ass, an net un eis hei läit, mä wou et eng Zäitche gedauert huet bis d'Träger eis soen - mir waarden nach ëmmer op Äntwerte bei enger Konventioun, déi am Februar 2002 ënnerschriwwe ginn ass -, wéi si sech dat virstellen, a wéi dat soll ausgesinn. Da komme meir wahrscheinlech do éischter op 15 wéi op 12 Joer.

Wann dat nach am Verständnis vun den Deputéierten normal ass, da weess ech net méi wat do eigentlech nach normal ass, an och net soll sinn. An ech denken, datt mir och do musse kucken déi Prozeduren ze fannen, déi awer och net do esou iwwert d'Strängt schloen, datt mir eis selwer onméiglech maachen.

Ech denken un ee Projet, deen eenzegen och, dee vun engem reng privaten Träger gebaut gouf, deen a véier Joer fäerdeg ass. Deen hat déiselwecht Oplage vu Bautereglementer, en hat déiselwecht Oplage vun dem Environnement. En hat natierlech net alleguerten déi aner Prozeduren, déi ee muss maachen, well e keng öffentlech Suen dobäi kritt huet. Mä et däerf awer keen Ënnerscheed vun zéng Joer sinn tëschent engem privaten Träger, dee keng Sue vum Stat kritt, an engem aneren.

***(Interruption)***

Wat gelift?

Une voix.- De Privatträger hat méi Sue wéi de Stat.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Dat géing ech net mengen. Ech weess net, ob Dir vun deemselwechte schwätzt wéi ech. Mä jiddefalls, deen Eenzegen, deen ech kennen, deen dat bis haut gemaach huet, ass den Elysis, an et ass net esou, datt déi schrecklech vill Suen haten. Ech weess net u wien datt Dir denkt, mä ech weess, dass déi Leit do Sue léine gaange sinn, se hunn och kee Geheimnis doraus gemaach. Dofir mengen ech net, datt et eng Fro war, ob een d'Suen op dem Koup leien hat. Mä et muss een einfach gesinn, datt wann ee mengt, et misst een nach hei an do, a mir missten bei all Plang dee leschten Detail hei hunn, da gëtt dat näischt.

D'Madame Meyers hat zu Recht beim Projet vu Betzder drop higewisen, datt se elo eréischt gesinn hu wéi déi éischt Phas gebaut war an déi zweet Phas, déi ëmgebaut gëtt, datt dann d'Statik et net géing erlabe fir einfach esou dat erëm frësch ze bauen oder an d'Rei ze maachen. Da muss dat erëm alles geännert ginn. An ech soen dat hei, fir datt net a fënnef Joer op eemol ee fënnt, majo, dat hätt Dir awer deemools misste soen, an dat hätt awer deemools misste bekannt gewiescht sinn. Datt Dir also och gesitt, dass et do net méiglech ass, am Viraus ëmmer ze soen, dat dauert esou laang, an dann an da kann dat esou gemaach ginn. Elo rappe si dat of, si bauen dat nei, am Rapport steet dran, datt et net méi deier gëtt, an datt deeselwechte Programm realiséiert gëtt wéi deen, dee virgesi war.

De Conseil d'Etat hat zum Beispill och gefrot, ob et normal ass, datt mir esou laang Délaien hunn tëschent der Konventioun déi gemaach gëtt an dem Gesetz wat gemaach gëtt. Och do muss ee soen, ass den Träger an deene meeschte Fäll deen, deen am allermannsten Afloss drop huet. Da kann een also och déi Leit net onbedéngt dofir strofen, wann dann näischt geschitt.

Mä ech wëll nëmme soen, fir mech ass dat wierklech eppes wat schwéier ze verkraaten ass. A fir lech kann et net aneschtes sinn, wann ech all déi Froe gesinn an ëmmer erëm muss beäntwerten, wéini dass dann dëst fäerdeg ass a wéini dann dat fäerdeg ass, esou datt ech, wéi gesot, wierklech mengen, datt mir misste kucke fir eis do Prozeduren ze ginn, fir datt dat alles e bësse méi séier geet.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Tëschent der Theorie an der Praxis, Madame Jacobs, leien oft Welten. Dat muss een agesinn.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Dorun ass guer keen Zweiwel Här Weiler. Ech gehéieren éischter zu der Praxis, wéi zu der Theorie, mä dat…

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Dat ass dat, wat den Här Krecké net gesinn hat d'lescht Woch.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Ech wëll just soen…

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här Weiler, wann Der gär eng Diskussioun driwwer hätt, da maache mer se.

Une voix.- Très bien.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Ech géing wëlle soen, och wat déi verschidde méi prezis Froen hei ubelaangt, wat elo fir d'éischt déi zwee Centres intégrés ubelaangt, dat ass d'Fro vun de Vakanzebetter. Näischt verhënnert déi Leit, fir Vakanzebetter ze maachen. Se musse just wëssen, ob si se déi ganzen Zäit besat hunn.

An do sinn elo Diskussiounen amgaangen iwwert d'Fleegeversécherung mat der Krankekeess, fir ze kucken, datt eng Partie vun deenen Zëmmere bezuelt ginn, och wa se net besat sinn. Well dat ass natierlech de Problem vun deenen Haiser. Wa se während etleche Wochen déi Better net besat hunn, da komme se herno ënnert dem Stréch net mat hire Präisser aus.

Ënnerschiddlech Gréisste vun den Zëmmeren, an och ob se altengerecht gebaut sinn. Do ass et effektiv richteg, datt grouss Changementer amgaange sinn, a wéi gesot, ass et schwéier deem Rechnung ze droen, wann der 15 Joer am Plange sidd, bis der et gebaut huet.

Ee vun deene Projeten, deen dovu profitéiert, datt en esou laang ass, ass effektiv de Projet vun Ettelbréck. Wou ënnerschiddlech wäert gebaut ginn, wat Centre intégré ass a wat Fleegebetter sinn.

Wann een elo seet, déi Leit, déi dement sinn, déi Leit, déi Fleegebetter hunn, bräichten am Fong keng esou grouss Zëmmeren, mä grad déi dement Leit bräichten dacks méi grouss Raim, wou se kënne goen, wou se kënnen zirkuléieren. Et weess een, dass dat ganz dacks Leit sinn, déi vill Kilometeren am Dag ginn, déi een also muss schützen, fir datt hinnen näischt geschitt, a wou een op där anerer Plaz natierlech och muss oppassen, datt kengem aneren eppes geschitt. Deem gëtt do selbstverständlech Rechnung gedroen. Mä wéi gesot, et ass net ëmmer esou evident, datt een dat op esou eng laang Zäit am Viraus ka plangen.

Kitchenette ass, mengen ech, och net eng Fro, déi hei d'Welt wäert ëmgeheien, well et ass net dat, wat de grousse Präis ausmécht. Entweder steet do e Schaf an da stinn do zwou Kachplacken drop. Méi ass d'Kitchenette net. Ob een déi erausrappt oder ob een déi dra léisst, dat kann een individuell maachen, déi muss een net uschléissen. Ech mengen, dass dat net eng gewalteg Fro ass.

De Georges Wohlfart huet hei vun den auslänneschen Investisseure geschwat. Ech muss éierlech soen, et huet mer richteg Freed gemaach. Ech weess net wéi vill ech der gesinn hunn an deene Jore bei mir defileieren. Dat Eenzegt, wat ech net gesinn hu bis haut, dat ass, dass ee gebaut huet.

***(Hilarité)***

Une voix.- Esou war et bei mir op der Gemeng och.

***(Interruption)***

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Ech hunn hinne gesot, wéi vill et géing kaschten, wéi vill dass de Kollektivvertrag zu Lëtzebuerg wier, wéi d'Norme wieren an da si si alleguerten traureg von dannen gegangen und waren nie wieder gesehen. Mä et ass jo nach net ausgeschloss, dass awer deen een oder anere sech vläicht trotzdeem dofir begeeschtere léisst.

Mir haten en Anbieter, dee komm ass, dee wollt 200 fleegebedürftegt Leit aus der Kategorie véier an een eenzegt Haus leeën, well hien héieren hat, dass hien an der Fleegeversécherung 190.000 Frang de Mount kënnt kréien dofir, mä hien hat, wéi gesot, de Kollektivvertrag aus Däitschland gekuckt an dunn huet hien awer gemengt, dass dat net dat Richtegt wier, niewent deem, dass mir awer och gemengt haten, dass et onméiglech wier, fir 200 schwéier fleegebedürfteg Leit beieneen an een Haus ze leeën. Et gëtt also do näischt, wat et net gëtt, mä wéi gesot, tëschent deem wat d'Leit menge wat se kënnte maachen, an deem wat dann herno realiséiert gëtt, leie Welten.

Och d'Fro vun deene Better, déi bis haut nach ëmmer feelen, ass eppes wou ee sech nach ëmmer schwéier domadder deet, well mir méi Better hei zu Lëtzebuerg hunn, wéi soss e Mënsch an onsen Nopeschgéigenden an Nopeschlänner huet. Mir hunn eigentlech ëmmer gefaart déi Zäit, wéi mer zesumme mam Mady Delvaux déi Fleegeversécherung do geplangt hunn, dass mer géingen Iwwerkapassitéiten vu Better schafen.

Wéi gesot, mir hunn haut nach ëmmer Nofro, fir Leit ënner Daach ze kréien. Dat ass och sécher ee vun de Grënn, dass et esou laang dauert bis mer gebaut kréien. Et ass op där anerer Säit awer och ganz kloer, dass zu Lëtzebuerg éischter Leit an d'Haiser placéiert ginn, wéi an anere Länner, well natierlech deen Eenzelnen eng besser finanziell Situatioun huet, mä mir awer och op där anerer Säit vill Sue bäileeën. Mir maachen dat zum Beispill iwwert de Pensiounspräis, wou mer iwwert den Accueil gérontologique op 75.000 Frang ginn, wat mer kënnen de Leit pro Mount bäileeën, oder iwwert d'Fleegeversécherung, wou am Regelfall zwëschen 130.000, dat ass d'Moyenne, an 190.000 Frang de Mount bäigeluegt gëtt.

Wann nach een heibannen ass, dee sech ka virstellen, dass en amstand ass fir 200.000 Frang de Mount op den Dësch ze leeën - ech schwätzen nach ëmmer an ale Frangen, ech entschëllege mech dofir -, da géing ech gäre gesinn, wéi hien dat géing maachen. A wa se dann nach zu zwee sinn, da gëtt dat jo eppes, wat total onméiglech ass. Dofir géing ech alleguerten déi Leit awer wierklech invitéieren op de Buedem vun der Realitéit zréckzekommen, déi nach soen: Geet dat dann nach duer mat de Präisser, déi mer bezuele bei den Investissementer? A geet et och nach duer bei deem, wat mer fir de Rescht investéieren?

Et sinn eng ganz Partie vu Projeten, déi nach virgesi sinn an deenen nächste Joren, déi mer jo natierlech alleguerte wäerten en long et en large an deem Haus nach eng Kéier kënnen diskutéieren. Et ass op de Projet higewise gi vun Heeschdref. Dat anert ass de Projet vun den eelere Behënnerten. Et ass fir d'éischt, wou mer op de Punkt kommen, wou mer fir déi eeler Behënnert mussen Altersheimer bauen. Dat ass et bis dohinner net ginn. Do gesitt Der wéi eis Gesellschaft changéiert. Op d'Fro iwwer Wolz an Ettelbréck hunn ech dem Georges Wohlfart geäntwert.

De Jeannot Belling huet zu Recht gefrot awéiwäit dass mer un d'Grenze komme vum Konzept vun de Centres intégrés, well mer awer mierken, dass den Duerchschnëttsalter vun de Leit, déi an d'Haiser kommen, ëm déi 84 bis 85 Joer ass. Selbstverständlech kommen déi Leit dann eréischt, wa se wierklech vill Fleeg brauchen. Et kënnt also kee méi - wahrscheinlech duerch déi besser Servicer, déi vun de Services à domicile iwwert d'Fleegeversécherung bezuelt ginn - an déi Haiser bis e muss dohinner kommen.

Dofir denken ech och, dass et wahrscheinlech an Zukunft éischter méi reng Fleegebetter a Fleegehaiser gëtt, wéi nach Centres intégrés, an dass ee kucke muss awéiwäit dass de Logement encadré oder de Logement pour personnes âgées éischter deem Rechnung droe muss, dat heescht fir déi Leit, déi net méi onbedéngt wëllen an hirem groussen Haus eleng doheem bleiwen, mä déi awer net an e Centre intégré musse goen. Dat ass dann natierlech erëm eng Fro vu Confort, wou een nach léiwer an engem Appartement wunnt, wéi awer onbedéngt an engem Zëmmer, och wann et 32 m² grouss ass. Wann een invalid ass, dann ass dat och nach net terribel grouss. Ech sinn awer absolut domat d'accord, dass een do wahrscheinlech an nächster Zäit erëm eng Kéier muss ëmdenken a sech aner Kritäre muss ginn, fir déi Haiser ze géréieren.

Den Här Jaerling huet gefrot, wéi et mat dem Fleegepersonal ass. Et ass virgesinn, Här Jaerling, dass nëmmen deen, deen no eise Kritäre baut an nëmmen deen, deen no eise Kritäre Personal astellt, en Agrément kritt. Et ass also net méi wéi deemools zu Fréiseng, wou den Här Gibéryen d'Brak net zougemaach huet, mä d'ITM se zougemaach huet, wou fir d'Leit eng net genügend Zuel vu Personal do war an och net esou versuergt waren, wéi et hätt musse sinn.

Ech erënnere just drun, dass mer deemools, wéi mer d'ASFT-Gesetz gestëmmt hunn, gesot kritt hu vum Conseil d'Etat, Dir duerft net dohinner kucke goen, ouni dass Dir ugemellt sidd an Dir dierft och net dohinner kucke goen owes no zéng Auer. Et hat awer kee Wäert, wann ech an e Gesetz dra schreiwen: „Dir musst zéng Infirmièren op der Nuetsschicht hunn", wann no zéng Auer kee méi ka kucke goen. Et huet och kee Wäert - ech huelen dat Beispill, well dat dat war, wat am meeschten hei am Lëtzebuerger Land bekannt ass vun enger Persoun, déi während enger Woch déiselwecht Pampers unhat -, wann ech moies dohinner télefonéieren, de Mëtteg komme meng Fonctionnairë kucken, dann ass et kloer, dass déi Persoun d'Pampers vun enger Woch ausgedoe kritt.

Op Grond dovun hu mer also déi Méiglechkeeten, fir dat ze kontrolléieren. Ech muss och soen, dass d'Träger ëmmer méi drun interesséiert sinn, fir op aner Qualitéitsniveauen ze kommen, esou gutt wat d'Ausbildung vum Personal ubelaangt, wéi wat d'Fortbildung vum Personal ubelaangt an emol ze verhënneren, dass do e Burn-out geschitt an dozou féiert, dass ëmmer e méi grousse Changement vum Personal an deenen Haiser ass.

D'Madame Wagener huet gefrot, ob déi Projeten net zevill grouss wiere mat 100 Better. Si sinn zu der Ansicht komm, dass een e Gebai mat ongeféier 80 bis 120 Better misst bauen, fir dass déi generell Käschten, déi domat verbonne sinn, an engem erträgleche Mooss bleiwen. Dat doten alles ass ni rentabel, mä et ass nëmmen, fir datt et net zevill aus dem Präis erauswiisst, wou déi dote Gréissten entstinn. Ech hunn lech gesot, dass an der Architektur haut ouni Zweifel aner an nei Erkenntnisser komm sinn, wou mer probéiere bei deenen neie Projete selbstverständlech deene Rechnung ze droen.

An deenen Haiser alleguerte gëtt et och Zweepersounenzëmmeren, dat heescht fir eng Koppel, déi eventuell wëllt dohinner goen. Déi Zëmmere sinn natierlech esou ofgedeelt, dass wann net onbedéngt eng Koppel do ass, déi selbstverständlech och fir zwou Persoune kënne gebraucht ginn, fir dass do net muss eppes eidel stoe bleiwen.

Ekologesch Energien, do muss ech éierlech soen, do sinn ech iwwerfroot. Ech muss mech an der Zukunft méi domadder befaassen. Et war eppes, wou mer eis eigentlech ni driwwer ënnerhalen hunn an der Familljekommissioun, mä et ass sécher gutt, wa mer eis...

Une voix.- Gitt der Travaux-publics-Kommissioun dat.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Et ass an der Rei, da gi mir lech dat fir Avis.

***(Interruption)***

Dir gesitt also, dass mer eis net deenen Neierunge verschléissen, well mir hu selbstverständlech d'Méiglechkeet, fir Virschrëften ze maachen, well wa mer esou vill do bäileeën, dann ass et kloer, dass een dat och muss kënnen dra virgesinn.

Betzdorf, wéi gesot, dat ass dee Projet vun de Behënnerten, wou mer 100% bezuelen. Ech wëll hei soen: Et ass fir d'éischte Kéier, dass de Stat sech bedeelegt bei engem vun deene Projeten zu Betzdorf. Bis haut hunn déi Betzdorfer dat alles mat hiren eegene Mëttele gemaach. Dofir fannen ech et net méi wéi berechtegt, dass mer endlech bei dësem groussen a wichtege Changement an deem Haus déi ganz Laascht droen. Och do muss ech soen, dass d'Prozedure méi laang gedauert hunn, quitte dass mer méi séier virukommen, wéi bei den Altersheemer, mä ech denken och, dass mer am Joer 2003, wat effektiv d'Joer vun de Behënnerten ass, nach d'Geleeënheet wäerte kréien, och am Kader vun aneren Diskussiounen hei, méi genee dorop anzegoen.

D'Haiser sinn ëmmer nëmmen eppes. Dat wat dra geschitt ass eppes aneschtes. Et ass kloer, wann een net dat richtegt Personal huet an der genügend grousser Zuel a mat deene richtege Qualifikatiounen an de Formatiounen, déi ëmmer erëm musse virugefouert ginn. Och do sinn ech frou, dass mer hei zu Lëtzebuerg an dem Centre universitaire de Master vun der Gerontologie ubidden, wou net nëmme Lëtzebuerger kënnen déi Formatioune maachen, mä wou och Ausländer kënne kommen.

Ech denken, dass dat och zum Image de marque bäidréit, fir dass mer net ëmmer nëmmen duergestallt ginn als déi, déi gären deenen aneren hir Suen hätten, mä wou mer probéieren deenen dat Wëssen, wat mer zesumme mat auslänneschen Universitéiten hei ubidden, och virun ze vermëttelen. Dat ass och e wichtege Punkt.

Ech géing, wéi gesot, lech alleguer nach eng Kéier merci soen a mech deene gudde Wënsch fir lech alleguerte vum Här Belling uschléissen, vu dass ech denken, dass ech dëst Joer fir d'leschte Kéier hei bei lech war.

Des voix.- Oh!

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Ech soen lech alleguer merci a wënschen lech all Guddes.

M. le Président.- D'Diskussioun vun deenen dräi Projeten ass elo ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vun den Artikelen. Mir stëmmen iwwer all eenzelt Gesetz of.

Fir d'éischt fänke mer u mam Gesetzesprojet 4917 iwwer Mamer.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also elo iwwert de virleiende Projet of.

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Lucien Clement), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Jeannot Belling), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Théo Stendebach), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Gusty Graas), Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer (par M. Emile Calmes) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da kéime mer elo zum Projet 4926 iwwert Dikrech.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen dann elo och iwwert dee Projet of.

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Lucien Clement), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Jeannot Belling), Mme Maggy Nagel, MM. Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer (par M. Emile Calmes) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dann hätte mer dee Punkt domadder ofgeschloss. Den Här Strotz freet nach d'Wuert fir den Dépôt, mengen ech, vun enger Propositon de loi.

## 3. Dépôt d'une proposition de loi

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Här President, ech wollt hei deen Dépôt vun enger Proposition de loi maachen. Den Här Bodry seet schonn et wär eng ganz populär, et geet nämlech drëm fir datt alleguerten déi, déi e Führerschäin maachen, och sollen doniewent, ier se de Führerschäin ausgestallt kréien, en Éischt-Hëllef-Cours maachen, an datt se deen eréischt ausgestallt kënne kréie wa se deen Éischt-Hëllef-Cours gemaach hunn.

Ech mengen, et ass esou, datt ganz oft bei Accidenter, doduercher, datt egal wéi séier dass se do sinn, d'Hëllefskräften awer ze spéit kommen, an datt et wichteg ass, datt deen Éischten, deen op der Plaz ass, weess wéi ee sech behëlt, wéi e soll esou een Accident signaliséieren, wéi e soll Hëllef ufroen a wéi en eventuell deemjéinegen, dee blesséiert ass, och soll éischt Hëllef zoukomme loossen.

Ech mengen, mir si ganz oft an deene Situatiounen, datt Leit hiert Liewe loossen doduerch, datt se net séier genuch Hëllef kritt hunn. An deem Sënn géif ech dann hei déi Proposition de loi déposéieren, datt de Code de la route an deem Sënn ëmgeännert gëtt, respektiv e puer Saache bäigeschriwwe ginn, fir datt deem do ka Rechnung gedroe ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Nicolas Strotz, an déi Propositioun gëtt virugeleet un déi entspriechend Kommissioun an un de Statsrot.

Elo komme mer dann zur Diskussioun vun de Projets de loi 4825A a 4528B iwwert de Secteur Horesca. Béid Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen déi Häre Glesener, Lux, Bettendorf, Jaerling, Bausch, Urbany a Koepp. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nico Loes.

## 4. 4825A - Projet de loi portant approbation de la Convention internationale du Travail N°172 concernant les conditions de travail dans les hôtels, restaurants et établissements similaires, adoptée par la Conférence internationale du travail à Genève, le 25 juin 1991

## 4825B - Projet de loi portant 1. réglementation de la durée de travail des ouvriers, apprentis et stagiaires occupés dans l'hôtellerie et la restauration; 2. modification a) de l'article 6 de la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant réglementation du louage de service des employés privés, b) de l'article 5bis de la loi modifiée du 9 décembre 1970 portant réduction et réglementation de la durée de travail des ouvriers occupés dans les secteurs public et privé de l'économie et c) de l'article 1er de la loi modifiée du 26 février 1993 concernant le travail volontaire à temps partiel

***Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi***

M. Nico Loes *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zur Diskussioun vun dem sougenannten Horesca-Projet, fir en emol esou ze nennen, deen den 23. Juli 2001 an der Chamber déposéiert ginn ass, wou mer och déi eenzel Avisë vun de Beruffschamberen erakruten, d'Chambre des Employés privés, d'Chambre de Travail, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers an och de Conseil national pour Etrangers.

De Conseil d'Etat hat och den 30. Abrëll vun dësem Joer en Avis ofginn, a mir hunn an de Kommissiounssitzunge vum 17., vum 20. Juni a vum 15. Juli de Projet diskutéiert. Et sinn och eng Partie Amendementen zu deem Projet gemaach ginn a mir hunn eis de 4. Dezember nach eng Kéier zesummegesat fir iwwert d'Amendementen ze diskutéieren. De Statsrot huet nach eng Kéier den 10. Dezember Amendementen eraginn a mir hunn och iwwert déi diskutéiert an den 12. Dezember hu mer de Projet gestëmmt.

Als Rapporteur hunn ech da wëlles wierklech dat ze soe wat am Text drasteet. Ech denke mäi Fraktiounskolleeg Marcel Glesener wäert herno och nach op déi Artikelen agoen, wou alt méi Diskussiounen an der Press an och innerhalb vun eiser Kommissioun waren, fir och do verschidde Saache kloer ze stellen.

***(Interruption)***

Oh, ech denken, Här Bodry, Dir wäert déi néideg Explicatioune kréien, esou datt Dir och Äre Bléck kënnt e bësse méi schäerfen, fir datt Dir och an deem hei Projet den Duerchbléck kritt.

***(Hilarité)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zwee Projeten, déi haut zur Ofstëmmung virléien an déi am Ufank ënner engem eenzege Projet, dem Gesetzesprojet 4825, vereent waren, hunn allenzwee zum Zil d'Aarbechtskonditiounen am Horesca-Secteur ze verbesseren an de Salariéën aus dëser Branche, an éischter Linn den Aarbechter, e Statut ze garantéieren.

Ongeféier 2.500 Betriber an 11.000 Salariéë si vun deene virleiende Projete betraff. Wann d'Aarbechtskonditiounen an deene meeschte Betriber korrekt a gutt sinn, ass et awer och esou, datt verschidde Restauranten oder Bistroen, déi e juristesche Vakuum, an deem sech de gréissten Deel vum Horeca-Personal befënnt, ausnotzen, an dëst op Käschte vun hirem Salarié. Ech denken do natierlech un éischter Linn un d'Aarbechter aus dem Secteur, déi 1970 vum Gesetz iwwert d'Regelung vun der Aarbechtszäit vun den Aarbechter ausgeschloss goufen a sech domat a puncto Aarbechtsbedéngungen an enger prekärer rechtlecher Lag befannen.

Déi schlecht Aarbechtskonditiounen a virun allem déi onregelméisseg Aarbechtszäite ginn oft als Ursaach zitéiert fir de Mangel u qualifizéiertem Personal, déi de Secteur charakteriséiert, ze erklären. Déiselwecht Grënn ginn och opgezielt wann et drëms geet, dee réckgängegen Interessi vun de Jonke fir dëse Beruffsecteur ze erklären.

Déi virleiend Projete sollen dozou bäidroen, den Horeca-Secteur méi attraktiv ze gestalten an domat méi qualifizéiert Leit an dësem Secteur unzezéien. Dës Projete leeën och d'Basis fir eng loyal Konkurrenz tëschent de Betriber fest a promovéieren indirekt d'Tourismusindustrie.

Dobäi däerf een och net vergiessen, dass den Tourismus e Secteur ass, dee weltwäit expandéiert a sécherlech och bei eis Zukunftsperspektiven huet, ënnert dem Virbehalt, dass een och déi richteg Entscheedungen hëlt, fir dëse Secteur ze förderen.

Dës Entscheedunge betreffen ënner anerem d'Aarbechtskonditiounen am Horeca-Secteur, deen ee wichtege Bestanddeel vun der Tourismusindustrie ass. Den Objet vun all Aarbechtspolitik ass et, d'Usprech vun de Salariéë mat deene vun de Betriber ze verbannen. Et ass eng Erausfuerderung vun der Aarbechtspolitik, d'Flexibilitéit vun den Aarbechtskonditiounen, ouni déi sech dee modernen Aarbechtsmaart net weider entwéckele kann, mat dem Schutz vun de Rechter vun de Salariéen ze verbannen. Déi virleiend Projeten, virun allem de Projet 4825B, bréngen dëst fäerdeg.

Ech wëllt e puer Wierder zu der legislativer Prozedur soen, ier ech méi detailléiert op déi verschidde Projeten aginn.

Mir haten, wéi gesot, eng ganz Partie Diskussioune bei eis an der Kommissioun, wou mir Amendementer erabruecht hunn, déi och erëm eng Kéier erausgeholl goufen, mä ech muss soen, de Projet, dee mer zum Schluss elo virleien hunn, dat ass quasi deeselwechten Text, wéi mer e ganz am Ufank haten. A wéi ech och schonn am Ufank vu menger Ried ugedeit hunn, waren déi zwee Projeten, déi haut ofgestëmmt ginn, an engem Text ënnerbruecht. Dat war de Gesetzesprojet 4825. De Statsrot war awer der Meenung, et wier aus der Perspektiv vun der legislativer Methodologie méi korrekt, den initiale Gesetzestext an zwee verschidde Projeten ze splécken. D'Kommissioun huet den Iwwerleeunge vum Statsrot Rechnung gedroen.

Mat dem éischte Projet 4825A, Här Weiler, gëtt déi international Aarbechtskonventioun 172 iwwert d'Aarbechtskonditiounen am Horeca-Secteur vum 21. Juni 1991 an eist nationaalt Recht ëmgesat. D'Konventioun huet als Zil, d'Aarbechtskonditioune vun de Salariéen aus dem Horeca-Secteur ze verbesseren, andeems Plafonge fir d'Aarbechtszäit virgesi sinn, oder minimal Raschtperioden agefouert ginn.

D'Rekommandatioun 179 vum OIT, dem Office international du Travail, déi der Konventioun unhänkt, déi am Kader vun dësem Projet berücksichtegt gouf, ass méi spezifesch wéi d'Konventioun selwer. Ech wëll och hei net an d'Detailer agoen. Wat een zréckbehale soll, ass d'Tatsaach, dass op Grond vun der Kombinatioun vun de bestoenden Texter, déi de Kader vun deene virleiende Projeten viséiert, eis Gesetzgebung conforme zum internationale Recht wäert sinn. An dëser Hisiicht ass dee virleiende Gesetzesentworf als e wichtegt juristescht Instrument ze betruechten.

Deen zweete Gesetzesentworf, den 4825B, ass net manner bedeitend, ganz am Géigendeel. Dëse Projet, deen ënner anerem virgesäit d'Aarbechtszäit vun den Aarbechter am Horeca-Secteur ze reglementéieren, gehéiert zu deene Projeten, déi d'Geschicht vum Aarbechtsrecht schreiwen, a wéi all wichtege Projet huet e fir vill Diskussioune gesuergt. Ech wäert nach méi spéit op déi problematesch Aspekter vum Projet an deenen eenzelnen Artikelen agoen. De Projet betrëfft nëmmen d'Aarbechter, d'Léierjongen an d'Léiermeedercher, déi de Statut vun engem Aarbechter hunn. Si maache bäi wäitem dee wichtegsten Deel vum Personal aus der Horeca-Branche aus. D'Employéen, déi an dëser Beruffsspart ënnerrepresentéiert sinn, sinn dem Gesetz vum 1937 ënnerworf. Wann een och mam Prinzip vun enger Regelung vun der Aarbechtszäit nëmme kann averstane sinn, well esou eng Reglementatioun fir ee bessere Schutz vun deene betraffene Salariéë steet, kann ee sech awer och d'Fro stellen, firwat een de Wee vun enger gesetzlecher Regelung aschléit, amplaz iwwert de Wee vun engem Kollektivvertrag d'Aarbechtszäit am Horeca-Secteur ze regléieren. Den Horeca-Secteur ass ganz bewosst vum Gesetz vun 1970 iwwert d'Aarbechtszäit vun den Aarbechter ausgeschloss ginn, well d'Leit, déi an dëser Branche schaffen, ganz bestëmmte spezifesche Bedingungen ënnerworf sinn.

De Gesetzgeber war der Meenung, dass ee kënnt de Besonneschkeete vun dësem Secteur besser iwwert de Wee vun engem Kollektivvertrag Rechnung droen. D'Aarbechtsbedingungen an der Hotel- a Restauratiounsbranche sollten op Interventioun vun de Gewerkschaftsvertrieder duerch e Kollektivvertrag geregelt ginn. Am Fall, wou dat net géif geschéien, sollt d'Regierung agräifen an eng Regelung treffen. D'Verhandlungen hu während 30 Joer näischt bruecht an hunn zu näischt gefouert. Dofir muss een och dem Aarbechtsmininster François Biltgen ee Luef zollen, deen, esou bal wéi hien ugefaangen huet, d'Diskussioune mat dem Secteur an och mat de Gewerkschaften opgeholl huet, fir dass mer an dës Richtung kënnte goen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech sinn d'accord, dass mer dem Här Biltgen musse félicitéieren, dass hien esou séier geschafft huet, mä déi 30 oder 28 Joer virdrun, wie war dann dunn Aarbechtsminister?

M. Nico Loes *(CSV)*, *rapporteur*.- Wann Dir Är Artikelen nogekuckt hätt, da bräicht Dir mech dat do net ze froen.

***(Hilarité)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech brauch dofir keng Artikelen nozekucken, sot mir emol, wat fir eng Partei vun den 28 Joer virdrun den Aarbechtsminister gestallt huet an net gehandelt huet.

M. Nico Loes *(CSV)*, *rapporteur*.- Ee Gléck, dass et eis Partei war, well soss géif et elo nach vläicht daueren, well Dir hätt et och net fäerdeg bruecht.

***(Interruption)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Wéi? Mä 28 Joer virdru war et Är Partei, déi de Ministère hat, Här Loes, a fënnef Joer vun deenen 28 war et d'LSAP.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Här Glesener.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Merci, Här President. Mir wollten eis och net an d'Tarifautonomie vun de Gewerkschaften amëschen.

***(Hilarité)***

M. Nico Loes *(CSV)*, *rapporteur*.- Här President, ech hat virdru gesot, ech géif mech un de Rapport halen an d'Diskussiounen am Plenum wieren dann herno op. Den Här Bausch kann da seng Froe stellen an de Minister kann ëm dann och Äntwerten drop ginn.

D'Aarbechter am Horeca-Secteur waarde bis haut nach op eng Regelung vun hiren Aarbechtskonditiounen, esou dass de Législateur huet misse selwer intervenéiere fir dësem Regime de non-droit, an deem sech en Deel vum Horeca-Personal befënnt, en Enn ze setzen.

An enger Aarbechtswelt, an ech hat et schonn eng Kéier gesot, déi ëmmer méi Wäert op Flexibilitéit leet, ass et immens wichteg, Limiten ze setzen an d'Aarbechtskonditiounen ze encadréieren. Déi flexibel Gestaltung vun den Aarbechtskonditioune soll esouwuel de Betriber, wéi och de Salariéen zegutt kommen an net op d'Käschte vun der Sécherheet goen. D'Tatsaach, dass et keng geregelt Flexibiliséierung vun den Aarbechtskonditioune gëtt, huet am Horeca-Secteur zu verschiddene Mëssbräich gefouert. De Projet versicht dann elo dës Mëssbräich aus der Welt ze schafen.

Den Artikel 2 vum Gesetz vun 1970 iwwerléisst et dem Kollektivvertrag, wat ech virdru scho gesot hunn, oder am Fall wou kee Vertrag ofgeschloss gëtt, engem Règlement d'administration publique d'Dauer vun der Aarbechtszäit vun den Aarbechter aus dësem Secteur speziell ze regelen. D'Auteure vum Projet hunn eigentlech d'Gesetz dem Reglement virgezunn. D'Gesetz ass an hiren Aen dat méi gëeegent Instrument, fir iwwer esou e sensibelt Thema wéi d'Aarbechtszäit ze légiféréieren.

Fir kënnen e kohärente Projet opzeweisen, deen esouwuel den Usprech vun de Salariéen, wéi och vun de Betriber aus dem Horeca-Secteur Rechnung dréit, huet d'Regierung sech mat deene verschiddene Sozialpartner getraff an d'grouss Linne vum Projet duerchdiskutéiert. De virleienden Entworf ass d'Resultat vun Diskussiounen, déi sech iwwer Méint erstreckt hunn. Et ass e gudde Kompromiss, deen et erlaabt, géigesetzlech Usprécher ze verbannen, wéi zum Beispill méi konkret ze sinn: Protektioun vun de Salariéen op där enger Säit a Flexibiliséierung vun den Aarbechtskonditiounen op där anerer Säit.

De Projet versicht d'Reglementatioun vun der Aarbechtszäit am Horeca-Secteur dem Droit commun méi no ze bréngen an d'Besonneschkeete vum Secteur ze berücksichtegen. D'Basisregele sollen déiselwecht wéi fir all Aarbechter sinn, ob se am Horeca-Secteur oder an anere Branche schaffen. Dat geet ganz kloer aus dem Artikel 2 vun dem Projet de loi eraus.

Den Artikel 2 gesäit awer och vir, dass d'Betriber dem Droit commun ënnerworf sinn, esou laang d'Dispositioune vum virleiende Projet sech net applizéieren. Et gëtt eng ganz Rei vun Ausnahmen, déi de Wëlle vun den Auteuren erëmspigelen, d'gesetzlech Dispositiounen de Bedürfnisser am Horeca-Secteur unzepassen. Esou sollen zum Beispill d'Referenzperioden no der Gréisst oder no der Natur vum Betrib festgeluegt ginn. Betriber, déi mat manner wéi 15 Leit fonctionnéieren, kréien eng Referenzperiod vu sechs Méint unerkannt. Grouss Betriber mat méi wéi 50 Leit hunn eng Referenzperiod vun engem Mount. Nom Projet kënnen d'Kollektivverträg dës Referenzperiode bis op maximal zwielef Méint erhéijen.

Betriber kënnen hiert Personal selwer iwwert déi legal duerchschnëttlech maximal Aarbechtsdauer vun zéng Stonne pro Dag, respektiv 48 Stonne pro Woch schaffen dinn, dëst während bestëmmte Perioden, wéi zum Beispill während der touristescher Héichsaison am Summer, oder fir Feierdeeg, Chrëschtdeeg oder Ouschteren. All Betrib ass aneschtes, esou dass et eng komplett gläichförmeg Behandlung vun de Betriber am Horesca-Secteur weder méiglech nach wënschenswäert ass. Dës speziell Regelunge gëllen nëmme fir Betriber mat manner wéi 50 Leit.

D'Aarbechter, déi an engem Betrib schaffen, wou mindestens 50 Leit ugestallt sinn, sinn dem Droit commun ënnerworf. An anere Wierder, fir si gëllen d'Dispositioune vum Gesetz vun 1970, d'Referenzperiod vun engem Mount, an ech hunn et virun e puer Minutte gesot, ass d'Période de référence de droit commun.

Fir all Problem, besonnesch den Interprétatiounsschwieregkeeten aus dem Wee ze goen, definéiert de Projet ganz genau wat fir Betriber dësem Gesetz ënnerworf sinn. Et sinn d'Hôteller, d'Restauranten, d'Caféen, d'Baren an ähnlech Etablissementer, an den Artikel 1 definéiert d'Notioun vun ähnlechen Etablissementer. Dat geet vum Hôtel bis hinn zur Jugendherberg. D'Traiteure sinn och viséiert, esou wäit si selwer e Restaurant exploitéieren.

Den Text vun der Regierung gouf vun der Kommissioun lancéiert, fir de Kriticke vun der Chambre des Métiers och Rechnung ze droen. Den initialen Text vum Gesetz hat ganz einfach d'Traiteuren am allgemenge viséiert, ouni tëschent, soen ech emol esou, deenen einfachen Traiteuren an deenen déi och ee Restaurant exploitéieren, ze ënnerscheeden. Et gëtt awer kee Grond d'Traiteuren, déi just hirer Aktivitéit als Traiteur noginn, deem virleiende Gesetzestext ze ënnerwerfen. De Statsrot huet deemno proposéiert d'Traiteuren am allgemengen aus dem Text erauszehuele mat der Begrënnung, dass si oder déi, déi e Restaurant exploitéieren, souwisou ënnert de virleiende Projet wäerte falen, ouni dass dat extra misst am Text festgehale ginn.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

D'Kommissioun war awer der Meenung, et wär wichteg tëschent deenen zwou Kategorien ze ënnerscheeden, an dësen Ënnerscheed speziell am Gesetzestext festzehalen. De Projet preziséiert och ganz genau d'Berechnungschwell vun den Effektiver, de Seuil de computation, dee wichteg ass, esou wäit all Betrib engem spezifesche Regim ënnerläit, deen ënner anerem vu senger Gréisst ofhänkt.

All Salarié zielt onofhängeg vu sengem Aarbechts- oder Employésstatut, onofhängeg vu senger Aktivitéit am Kader vum Betrib. D'Tatsaach, dass hien en Aarbechtskontrakt à durée déterminée oder indéterminée huet, oder hie ganz Deeg oder hallef Deeg schafft spillt keng Roll. Nom Projet de loi zielen esouguer d'Intérimairë vum Moment u wou si zumindest 20% vum Personal vum Betrib während enger bestëmmter Zäit ausmaachen.

Wann de Betrib verschidde Succursalen oder Points de vente huet, respektiv wann een am Kader vun enger Franchise schafft, ginn d'Personaleffektiver um Niveau vun der globaler Entitéit berechent. Dës Regelen an Definitioune si ganz wichteg, well se dozou bäidroe Gesetzesverstéiss ze vermeiden.

Iwwert d'Regelung vun der Aarbechtszäit am Horeca-Secteur eraus huet dee virleienden Text och als Objektiv déi europäesch Direktiv vum 23. November 1993 iwwer verschidden Aspekter vum Aménagement vun der Aarbechtszäit méi konkret ëmzesetzen. Déi europäesch Kommissioun, déi am Ufank d'Meenung vertrueden huet, eis aktuell Gesetzgebung wier den Usprech vun der Direktiv gewuess, esou dass dës Direktiv net méi spezifesch bräicht ëmgesat ze ginn, huet awer am nachhinein eis Regierung opgefuerdert verschidden Elementer vun eisem Aarbechtsrecht am Sënn vun der Direktiv ze preziséieren. Dat ass zum Beispill de Fall vum Report journalier oder vun der Nuetsaarbecht, wou mer d'Nuetsaarbecht vun owes 11 Auer bis moies 6 Auer festgeluegt hunn, a vun eng Auer bis moies sechs Auer, da mat enger Majoratioun vun 25% mussen déi Stonne bezuelt ginn. An do war d'Kommissioun, Här Bausch, och unanime der Meenung, dass mer dat esou sollten dra stoe loossen.

***(Interruption)***

Am Procès verbal steet dat och dran.

De Prinzip an d'Dauer vun der deeglecher a wöchentlecher Paus sinn am Kader vum virleiende Gesetz positiv formuléiert. Bis elo waren dës Prinziper als Bestanddeel vun eiser Gesetzgebung awer néierens festgehalen. D'Artikelen 12, 13 an 14 vum Projet hunn als Objet d'Gesetzer vun 1937, vun 1970 an 1993 ëmzeänneren andeem se d'Periode de repos am Kader vun dësem Gesetz preziséieren. D'Artikelen 12 an 13 zum Beispill erkenne formell dem Aarbechter d'Recht op eng Paus vu mindestens 11 Stonnen no enger Period vu 24 Stonnen un, respektiv eng Paus vun 44 Stonnen, no enger Period vu siwen Deeg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech kuerz op déi aner verschidden Artikele vum Projet aginn, wëll ech nach e puer Wierder zum alen Artikel 12 vum amendéierten Text soen, deen d'Kommissioun agefördert hat am Kader vun hiren Amendementer vum 31. Juli 2002, an dee schlussendlech vun der Kommissioun erëm eraus geholl ginn ass. Dësen Artikel hat virgesinn, dass d'Uwendung...

***(Interruption)***

Dat war och en Zeeche vu Flexibilitéit,...

***(Interruption)***

Jo, dat steet och esou am Procès verbal dran, Här Bausch.

Dësen Artikel hat virgesinn, dass d'Uwendung vum virleiende Projet keng Gehaltskierzung mat sech däerf bréngen, ënner Virbehalt vun der Prozedur vum Artikel 37 vum Gesetz vum 24. Mee 1989 iwwert den Aarbechtskontrakt. No dësem Artikel kann de Patron wesentlech Ëmännerunge vun den Aarbechtsrelatiounen an dozou zielend Gehaltskierzungen nëmme mam Averständniss vun dem Salarié duerchféieren. Dësen Amendement sollt dem Salarié d'Garantie ginn, dass d'Aarbechtsverkierzung am Horeca-Secteur net duerch eng Gehaltsverkierzung ka kompenséiert ginn.

De Statsrot war der Meenung, dass dësen Amendement iwwerflësseg wär. All Ännerung zu Ongonschte vum Salarié fällt ënnert den Artikel 37 vum Gesetz vun 1989. Den Amendement war och ganz staark op Kritik, ënner anerem bei der Horesca, gestouss. Vu dass dësen Amendement näischt un der Lag vum Salarié wäert änneren, an den Aarbechter iwwert de Wee vum Artikel 37 geschützt ass, huet d'Kommissioun an hirer Majoritéit décidéiert dës Dispositioun erëm eraus ze huelen. Et besteet keen Ulass den Droit commun am Kader vun dësem Projet nach eng Kéier ze ënnermaueren. Ausserdeem besteet d'Gefor, wann een andauernd am Kader vu spezifeschen Texter un d'Dispositioun vum Droit commun erënnert, dass een da vu lauter Beem de Bësch net méi erëmgesäit. Den Här Lux ass vläicht do anerer Meenung, mä egal wéi, et bléift, dass dëst näischt un der Situatioun vum Salarié ännert, an dass et jo och schliesslech dat Eenzegt ass wat zielt oder ziele soll. Op jidde Fall ass et falsch ze behaapten, wéi a verschiddenen Zeitungsartikele stoung, dass d'Kommissioun der Lobby vun der Horesca hei noginn hätt, an d'Aarbechter géifen elo méi schlecht do stoe wéi virdrun am Juli, wou d'Amendementer gestëmmt goufen.

D'Kommissioun huet sech och hei der juristescher Reproche vum Statsrot ugeschloss, well d'Salariéen net benodeelegt ginn. Zu deenen ëmstriddenen Artikele gehéiert den Artikel 9 vum Projet. Dësen Artikel huet als Objet den Aarbechter vum Horeca-Secteur e regelmässege Loun ze garantéieren, inklusiv a virun allem während deene sougenannte Périodes d'inactivité ou d'activité réduite. Mat esou enger Dispositioun erhofft ee sech esouwuel d'Kompensatioun zu Ongonschte vun den Aarbechter wéi och d'Schwaarzaarbecht ze vermeiden oder an de Grëff ze kréien.

Deen amendéierten Text zwéngt de Patron all Mount deene betraffene Salariéen e minimale Loun auszebezuelen, deen op Basis vum Salaire mensuel conventionnel oder dem Salaire conventionnel horaire gerechent gëtt. Den Text verbitt den Aarbechter während der Période d'inactivité oder d'activité réduite enger anerer bezueltener Aarbecht nozegoen. Den amendéierten Text gesäit dofir och Sanktioune vir. D'Salariéë mussen hirem Patron e Beitrag, dee gläich zum Stonneloun ass, multiplizéiert duerch d'Zuel mat de Stonnen, déi d'Salariéë bei engem aneren Employeur geschafft hunn, bezuelen.

Den Text vum Artikel 9 huet och fir vill Bedenke beim Statsrot gesuergt, esouguer nodeem d'Kommissioun d'Konsequenzen, déi e fir den Aarbechter mat sech bréngt, preziséiert huet. D'Regierung war awer an dësem Artikel net gewëllt hir Iddi vun enger Sanktioun opzeginn, an huet déi ufanks Dezember an engem Amendement erageréecht, deen den Amendement vun der Kommissioun erëmgëtt mat e puer klengen Ännerungen, mä de Statsrot ass awer trotzdeem bei senger kritescher Haltung bliwwen.

Och wann d'Kommissioun d'Iddi vum Statsrot deelt, dass de Loun, deen ausbezuelt gëtt während enger Periode d'inactivité, gerechtfäerdegt ass, well den Aarbechter zu engem anere Moment vun der Referenzperiod geschafft huet, respektiv wann d'Konditioun vun der Réckféierung, répétition de l'indû, net ginn ass, ass et falsch ze behaapten, wat de Statsrot dat a sengem Avis mécht, dass den Defizit vu Stonnen am Kader vun enger anerer Referenzperiod regulariséiert ka ginn.

…en Defizit vu Stonne während enger Referenz-Period kann net iwwerdroe ginn op déi nächst Period; en Defizit stellt automatesch fir de Patron eng Perte duer.

Et geet drëms ze vermeiden, datt en Aarbechter vun zwee verschidde Patrone bezuelt gëtt während enger an därselwechter Zäitperiod.

Fir dat och kloer ze maachen, wollt ech dat Rechebeispill, wat mir och an dem Rapport écrit festgehalen haten, eng Kéier duerleeën. Huelt emol un e Salarié huet zwee Patronen. Hie schafft beim éischte Patron all méindes, dënschdes a mëttwochs fir een Total vu 24 Stonnen, freides, samschdes a sonndes schafft hie bei engem zweete Patron fir een Total vu 16 Stonnen. Donneschdes ass am Prinzip säi Roudag, an an der Moyenne schafft hien an dësem Beispill 40 Stonne pro Woch a gëtt och op 40 Stonne bezuelt.

Wann ee sech elo virstellt, deen éischte Patron brauch de Salarié fir eng gewëssen Zäit just nach 10 Stonne pro Woch, den zweete Patron awer wier frou wann de Salarié 30 Stonnen amplazvu 16 géif schaffen. Den Aarbechter verdéngt en Deel vu senger Zäit, déi hien am Prinzip bei sengem éischte Patron verbruecht huet beim zweeten, mam Resultat, datt hien ëmmer 40 Stonnen an der Woch schafft an op méi wéi 54 Stonne bezuelt gëtt. Den éischten Employeur däerf nämlech op Grond vum virleiende Gesetz säin Aarbechter net manner bezuelen. Op där anerer Säit muss den zweete Patron sengem Salarié déi Stonnen, déi hie méi mécht, awer matbezuelen.

Dëst Beispill ënnermauert d'Noutwendegkeet vum Artikel 9 an erkläert firwat d'Kommissioun op dësem Punkt net de Wee vum Statsrot agaangen ass, an den Artikel 9 stoe gelooss huet. An dës Décisioun ass och unanime vun de Kommissiounsmemberen ugeholl ginn.

D'Dispositiounen iwwert d'Referenzperioden hunn och fir vill Diskussioune gesuergt. D'Regierung huet sech op den Artikel 17 vun der europäescher Direktiv baséiert, fir d'Période de référence vun de Betriber mat manner wéi 15 Salariéën, respektiv vun de Saisonsbetriber vu véier op sechs Méint eropzesetzen. De Statsrot war awer der Meenung, den Artikel 17 misst méi restriktiv interpretéiert ginn a géif nëmmen eng Ausnahm maache wann d'Betriber am Tourismussecteur géife schaffen.

D'Kommissioun huet décidéiert den Amendement vun der Regierung stoen ze loossen, mat der Begrënnung, datt et onméiglech ass, am Horesca-Secteur tëschent deene Betriber ze ënnerscheeden, déi exklusiv am Tourismussecteur täteg sinn, an deenen aneren. D'Solutioun vum Statsrot géif méi Problemer mat sech bréngen, wéi se der géif léisen.

Vu dass d'Referenzperioden nëmme bei deene Betriber kënnen applizéiert ginn, déi e POT, e Plan d'organisation de travail, opgestallt hunn, an datt d'Betriber mat manner wéi 15 Leit keen esou e POT brauchen, huet d'Regierung en drëtten Amendement abruecht. Dësen Amendement huet als Zil d'Betriber, déi dispenséiert sinn e POT opzestellen, ze zwéngen zumindest e Regëster ze halen, wou déi effektiv Aarbechtsstonnen opgeschriwwe solle ginn.

Als Kontrollinstrument spillt dëse Regëster eng ganz wichteg Roll. Et ass nämlech irrealistesch vun deene klenge Betriber ze verlaangen, datt si esou e Plan d'organisation de travail hunn. An no Récksprooch mat de Verantwortlechen aus dem Secteur krute mer och matgedeelt, datt esou Bicher, wou d'Stonnen opgeschriwwe ginn, scho gang und gäbe a ville Betriber ass.

Den Artikel 4, Paragraph 4, gesäit och vir, datt all Patron, dee säi Salarié iwwert déi wöchentlech Moyenne vun 48 Stonnen eraus schaffen deet, dat nëmme ka maache mam Averständnis vu sengem Aarbechter.

Et sinn och Sanktiounen am Artikel 11 virgesinn, déi mat Prisongsstrofe vun aacht Deeg bis zu sechs Méint kënne beluegt ginn a mat Amenden, déi vun 51 bis 20.000 Euro ginn. Dës Amenden oder dës Sanktioune verduebele sech och, wann innerhalb vun zwee Joer de Patron, dee sech eppes zuschëlde komme gelooss huet, dat nach eng Kéier mécht; dat heescht, wann en eng Récidive huet.

De Wëllen esou wäit ewéi méiglech den Eegenschafte vum Horesca-Secteur Rechnung ze droe mécht sech och bemierkbar um Niveau vun den Dispositiounen iwwert d'Akraafttriede vun dësem Gesetz. De Projet mécht nämlech en Ënnerscheed tëschent kleng, mëttel a grousse Betriber, an d'Natur vum Betrib spillt och eng Roll op dësem Niveau.

D'Auteure vum Projet waren der Meenung et misst een deene méi klenge Betriber méi Zäit loossen, fir sech un deen neie Kader ze gewinnen, deen de virleiende Projet virgesäit. Kleng Betriber si manner flexibel wéi déi Grouss, déi sech méi schnell ëmstelle kënnen. De Projet gesäit deemno vir, dass dat zukünftegt Gesetz eréischt den 1. Januar 2005 fir Betriber, déi manner wéi 15 Leit hunn, a Kraaft triede soll. Fir mëttelgrouss Betriber trëtt d'Gesetz den 1. Januar 2004 a Kraaft. A Betriber mat mindestens 50 Leit musse sech schonn ab nächste Januar un deen neie juristesche Kader gewinnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi virleiend Texter si wichteg Instrumenter, déi souwuel am Intérêt vum Patronat wéi vun de Salariéë sinn. Ënnerschiddlech Louan Aarbechtsbedingunge kann een net ganz vermeiden. Den Horesca-ecteur ass e ganz spezifesche Secteur, mä et kann ee versichen d'Ënnerscheeder méi kleng ze halen an de Salariéën aus dëser Branche korrekt Aarbechtsbedingungen, an domat eng gewësse Sécherheet, ze garantéieren.

Aus all deene Grënn géif ech lech bieden am Numm vun der Kommissioun déi zwee Projeten ze stëmmen, an dozou bäizedroen, datt eng weider Diskriminatioun vun den Aarbechter besäitegt gëtt.

Ech géif awer och net verfeele fir hei dem Aarbechtsminister François Biltgen merci ze soen, fir déi gutt Aarbecht, déi mer mat senge Servicer haten an och mat him selwer. Ech géif him och merci soe fir déi Diskussiounen, déi e mat de Gewerkschaften a mam Secteur gefouert goufen. Ech géif och menge Mataarbechter aus der Fraktioun merci soen, déi sech vill Aarbecht mat dem Projet hu misse maachen, dobäi och dem Sekretär aus der Kommissioun an de Kolleegen aus eiser Kommissioun. An deem Sënn géif ech lech merci soe fir dat laangt Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci Här Loes. Éischten Orateur ass den Här Marcel Glesener. Här Glesener, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Merci Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mat Sécherheet kann een zu enger Rei vun Inhalter vun dësem Projet ënnerschiddlecher Meenung sinn, an dat och hei zum Ausdrock bréngen. Mä et soll een awer oppasse wann een dat mécht, datt een net an en Zoustand vun Demagogie verfält. Ech wëll net soen, dass dat geschitt, mä ech kommen nach op eppes aneschtes ze schwätzen, dat mat Sécherheet d'Glaubwürdegkeet vun der Politik net ënnerstraicht.

Mir hunn dat de Moien hei erlieft bei den Debatten iwwert de Mindestloun. Ech wëll dat nach eng Kéier kuerz soen, well dat wat mir do erlieft hunn, mech eigentlech immens traureg mécht.

Et ass hei laang driwwer diskutéiert ginn, Här Rippinger, fir de Mindestloun wäit iwwert déi 3,5% unzehiewen, an d'sozialistesch Kolleegen hunn och diesbezüglech en Amendement abruecht. Am Virfeld dovu waren et d'Gewerkschaften, déi vehement agetruede sinn, datt d'Regierung iwwert déi 3,5% sollt erausgoen; ënner anerem och den NGL.

Den NGL schreift den 28. November, datt d'Regierung hir Responsabilitéit net géif iwwerhuelen: „Die Erhöhung des Mindestlohnes ist ungenügend und fordert mindestens das Doppelte des Regierungvorschlages". D'Sozialiste bréngen en Amendement eran an de President vum NGL, mat dem ganzen NGL, stëmmt géint säin eegene Virschlag, deen hien als President vum NGL gemaach huet, an hie stëmmt hei géint

***(Interruption)***

Mä, Här Gibéryen.

***(Interruption)***

… de Virschlag vun der sozialistescher Partei, an de Generalsekretär vum NGL, den Här Jaerling, deen nach kuerz virdrun hei op dëser Plaz sech mat de Fuerderunge vun de Sozialisten solidaresch erkläert huet, enthält sech. Also, Kolleeginnen a Kolleegen…

***(Brouhaha général)***

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Formidable, il faut le faire!

Dat muss ee fäerdeg bréngen.

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Deen huet vun Ufank u gesot, datt en domat net d'accord ass.

***(Interruption)***

Ech wollt dat nëmmen als Beispill soen, wéi een et net hei an der Chamber soll maachen, mä dat ass awer beispillhaft fir d'Virgoe vum ADR.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Den Här Gibéryen kënnt herno op d'Tribün an hien erkläert dat dann.

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Jo, jo, hie kann alles erklären. Mä dat heite sinn Tatsaachen.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Ech mengen haut kënnt hien net.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Ech hunn dat laang genuch am Virfeld erkläert.

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Neen, den Här Gibéryen muss mir dat erkläre kommen.

**M. le Président**.- Ech géif lech bieden, den Här Marcel Glesener schwätzen ze loossen. Här Jaerling, Dir kommt drun, all déi aner kommen drun.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Här President, den Här Gibéryen soll och dru kommen. Hie soll lech dat erklären.

**M. le Président**.- Wann ech gelift Här Weiler. Ech géif lech bieden um Teppech ze bleiwen.

***(Brouhaha général)***

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Mir schwätzen elo iwwert den Horesca-Projet, Kolleeginnen a Kolleegen.

**Des voix**.- Ah!

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Zumindest all déi, déi sech an eiser Kommissioun mat dësem Projet beschäftegt hunn, wësse wéi komplex a komplizéiert den Inhalt vun deem Projet ass.

D'Avise vum Statsrot hunn eis d'Liewen net einfach gemaach. Eng ganz Rei vun Amendementer waren d'Folleg.

***(Interruption)***

Komplementar Avise waren natierlech d'Konsequenz, mä ier mer ugefaangen hunn eis mat deenen Avisen auserneenzesetzen, hu mer als Kommissioun eng Rei vun Avise gemaach, déi net onwesentlech Verbesserungen zum virleiende Projet zum Ausdrock haten. Fir do den Iwwerbléck ze behale war mat Sécherheet net einfach. Bei där enger oder anerer Ofstëmmung an der Kommissioun huet een dat jo och konnte feststellen, wou deen een emol net ëmmer wousst, wat fir eng Avisen hien da sollt bei den eenzelnen Ofstëmmungen richteg stëmmen.

Et war also, wéi gesot, relativ komplizéiert an et war net einfach. Trotzdeem läit haut e kloren an detailléierte Rapport vir an e Projet de loi, deen ofwäicht an enger ganzer Rei vun Artikele par rapport zum urspréngleche Projet. E Projet de loi, deen also an der Kommissioun nach konnt verbessert ginn, ouni awer dass mer an der Kommissioun de Konsens an de Kompromëss, deen ausgehandelt ginn ass, tëschent deene Responsabele vum Horesca-Secteur an de Gewerkschaften, zerstéiert hunn. Au contraire, mir hunn en nach esou konnte verbesseren, dass jiddfereen domat liewe kann.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Am Numm vun alle Kolleegen, déi sech an eiser Kommissioun un den Diskussioune bedeelegt hunn, awer och am Numm vun der CSV-Fraktioun, wëll ech eisem Berichterstatter, mengem Fraktiounskolleeg Nico Loes, fir seng beispillhaft Aarbecht merci soen an och begléckwënschen. Säi Bericht ass ganz kloer an däitlech. Seng Ausféierungen, déi mer elo grad héieren hunn, ergänze säi schréftleche Bericht. Zum Inhalt vum Projet ass näischt Neies méi ze soen, esou dass ech mech wëll op e puer méi prinzipiell Feststellunge beschränken.

Éischtens ass et noutwendeg, wichteg a scho bal iwwerfälleg, dass mer d'Aarbechts- an d'Lounkonditioune vun de Beschäftegten am Horesca-Secteur gesetzlech regelen an ofsécheren, an dass mer deenen eenzelne Betriber aus dem Horesca-Secteur méi Rechtssécherheet ginn. Et muss ee jo wëssen, dass d'Gesetz vun 1970 iwwert d'Aarbechtszäitverkierzungen d'Leit aus dem Horesca-Secteur ausgeschloss huet, dat op Grond vun enger Rei vun Iwwerleeungen.

Mir wëssen och, dass den Horesca-Secteur kee kohärente Secteur ass, mä sech ënnerschiddlech duerstellt. Et gëtt Betriber, wou nëmmen Hôtellerie ass. Et gëtt Betriber, wou nëmme Restauratioun ass. Et gëtt Betriber, wou Restauratioun an Hôtelsbetrib ass. Et gëtt reng Saisonsbetriber an et gëtt Betriber, déi nëmme fonctionnéieren am Rumm vum Tourismus. Also hu mer et mat engem net kohärente Secteur ze dinn. Et war duerfir natierlech net einfach, fir déi Responsabel aus dem Horesca-Secteur all op ee gemeinsamen Nenner ze bréngen.

Dofir ass och während Jorzéngte versicht ginn, well eben d'Leit aus dem Horesca-Secteur aus deene

Gesetzer ausgeschloss gi sinn, déi ech elo grad zitéiert hunn, dat wettzemaachen an an deem Secteur Kollektivverträg ofzeschléissen. Dat war bis haut net méiglech, net well et um gudde Wëlle gefeelt huet vun de Responsabele vun der Horesca, net well et um gudde Wëlle gefeelt huet vun de Gewerkschaftler, mä et war einfach net méiglech zu engem Accord do ze kommen, well et eben an deem Secteur ze vill ënnerschiddlech Bedingunge gëtt, déi ganz schwéier sinn op e gemeinsamen Nenner ze bréngen an am Rumm vun engem Kollektivvertrag mat de Gewerkschaften, wou et och ënnerschiddlech Meenungen an Opfaassunge gëtt, vu Secteur zu Secteur verschidden, fir do zu engem eenheetleche Konsens ze kommen.

Mä dat, wat sech an deene Joren do entwéckelt huet, engersäits wat d'Leit, déi do schaffen, betrëfft, awer och anerersäits wat d'Interesse vum Secteur selwer ugeet: Konkurrenz, Stabilitéit am Personalberäich an esou weider, dat war net méi ze toleréieren. Während Joren ass säitens vun de Regierunge gesot ginn: Wann et net zu engem vertragleche Kompromëss kënnt, wann et net zu vertraglechen Ofmaachunge kënnt tëschent de Sozialpartner, dann ass d'Regierung forcéiert ze légiféréieren.

De Minister Biltgen huet dann dat endlech gemaach, wat während Jore gesot ginn ass. Ech wëll dat nach eng Kéier däitlech ervirsträichen an dem Minister Biltgen félicitéiere fir säi Gescheck, dat hien un den Dag geluegt huet, fir déi ënnerschiddlech Meenungen dach op e Konsens hin ze beweegen, an datt et iwwerhaapt zu engem Projet komm ass.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- ...Ministère.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Jo, ech brauch dat net extra ze soen. Dir wësst dat dach alleguer.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Mä d'Leit wëssen et net.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Dach, d'Leit wëssen dat och. D'Leit sinn net esou domm, Här Asselborn.

***(Hilarité)***

De virleiende Projet, Kolleeginnen a Kolleegen, ass d'Resultat vun enger Transpositioun vun enger BIT-Konventioun-a Recommandatioun vum 25. Juni 1991, verbonne mat enger EU-Direktiv vun 1993 an dat zesumme gestréckt an engem Kompromëss vun den Horesca-Verantwortleche mat de Gewerkschaften. Dee Kompromëss war schwéier ze erreechen. Op där enger Säit war et oft fir déi Verantwortlech vum Horesca-Secteur guer net einfach all Interesse vun deenen eenzelne Betriber op ee gemeinsamen Nenner ze bréngen, an op där anerer Säit hunn d'Gewerkschaften oft vill Waasser missen an hire Wäi schëdden.

Un eis, un der Politik ass et, dëse fragile Kompromëss net ze zerstéieren. Wa mer dat géife maachen, da wier während den nächste Joren net méi drun ze denken, fir zu Eenegungen ze kommen. Dat wier net gutt fir de Secteur. Dat wier net gutt fir d'Leit. Dofir ass et eis Responsabilitéit, dass eis Politiker alles ënnerhuelen, fir dee Kompromëss net ze zerstéieren an awer e Gesetz zesummen ze faassen, dat eis esou wäit wéi méiglech un den Droit commun ubënnt an net géint d'Grondprinzipie vum PAN-Gesetz verstéisst. Dat ass eis Aufgab.

Dat zesumme gefaasst, muss een awer och déi spezifesch Situatioun vum Secteur berücksichtegen. Déi doten Iwwerleeunge bréngen engem vläicht Problemer, wann ee seng gewerkschaftlech Originen net wëllt opginn a vergiessen. Ech si mer awer, an dat zielt fir d'CSV-Fraktioun, am Kloren, dass een ëmmer muss kompromëssfäeg sinn, an dass dee virleiende Projet e Maximum ass, deen elo konnt realiséiert ginn. A wann dee Projet haut Gesetz gëtt, Kolleeginnen a Kolleegen, da besteet eng nëtzlech oft verlaangten noutwendeg Basis, fir dorop opbauend Kollektivverträg auszehandelen. Dat soll d'Zil sinn an dat ass eisen Objektiv, deem mer eis net solle verschléissen.

De Rapporteur huet déi eenzel Artikele kloer duergestallt an och opgezeechent, wou Problemer waren, déi zu leider Gottes onberechtegte Polemiken an Ënnerstellungen dobausse gefouert hunn. Et geet virun allem ëm dee berühmten Artikel 12, en Artikel, deen de Loun vun de Leit soll ofsécheren, entspriechend deenen Aarbechtszäitverkierzungen, déi elo realiséiert ginn.

Als Kommissioun ware mer der Meenung, dass mer am Intérêt vun de Leit ganz kloer sollen definéieren, dass d'Aarbechtszäitverkierzung net dierft zu Lounverloschter féieren. Mir hunn en Amendement gemaach, wou mer dat an engem Artikel 12 kloer definéiert hunn. Mir ware gudde Wëlles a mir waren der Meenung, dass et richteg an noutwendeg wier, dat ze maachen. Mir waren eis awer net am Kloren, dass et u sech iwwerflësseg war, well d'Gesetz ganz kloer, an ech kommen drop zréck, dat festleet, wat mer an engem speziellen Amendement wollten zousätzlech soen.

Et war de Statsrot deen eis drop opmierksam gemaach huet a gesot huet: „Voilà, dat wat der do als Amendement erabréngt, ass u sech superfétatoire an et féiert dozou, datt et am Secteur zu Onroue kënnt an et méiglech ass, datt et zu Feelinterpretatiounen an zu Falschinterpretatioune kënnt, an dat hätt deem ganzen net gedéngt."

Deem entspriechend huet och den Horesca-Secteur reagéiert, an de Statsrot huet gesot: „Suppriméiert dat, well den Droit commun ass kloer, evident, an e kann net zu irrtümlechen Interpretatioune féieren."

Mir hunn an der Kommissioun dat nogekuckt a mir sinn zur Konklusioun komm, datt deen Amendement u sech iwwerfälleg wier, well nämlech am Artikel 2 vum Projet, deen elo zur Diskussioun steet, wuertwiertlech drasteet: „Sans préjudice des dispositions des articles 2 à 8 de la présente loi, les dispositions de la loi de 1970 sur la durée du travail des ouvriers sont applicables aux ouvriers du secteur Horeca." Et ass also kloer an däitlech, an da seet den Artikel vum Gesetz vun 1970: „Sans préjudice de convention plus favorable, les réductions de la durée du travail résultent de l'application de la présente loi et de ses règlements d'exécution, ne peuvent entraîner en aucun cas une diminution de la rémunération."

Also ass den Droit commun kloer an däitlech, an dat, wat mir an eisem Amendement wollten zousätzlech soen, steet däitlech an dem Artikel vum Gesetz vun 1989 iwwert den Aarbechtsvertrag, wou mäi Kolleeg de Lucien Lux, pardon, mäi Kolleeg de Lucien Weiler…

***(Brouhaha général)***

Une voix.- Ass de Lucien Lux Äre Kolleeg net?

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Selbstverständlech ass den Här Lux och mäi Kolleeg, mä ech well awer mäi Kolleeg Lucien Weiler elo nennen.

***(Interruption)***

Neen, mat Sécherheet net. Den Här Lux, dee befënnt sech an engem verzeilechen Iertum wann e mengt, datt mer elo hei géifen dee Projet ofstëmmen, deen de Leit zum Nodeel géif gereechen, déi am Secteur schaffen. Mat Sécherheet ass dat net de Fall an duerfir hunn ech dat nach eng Kéier kloer an däitlech hei gesot, an ech sollt drop hiweisen op dat Gesetz vun 1989 iwwert den Aarbechtsvertrag, wou den Här Lucien Weiler Rapporteur war a sech gewiert huet vis-à-vis vun 32 Amendementen deemools fir dat Gesetz do ofzeschwächen. Hien ass Zeien, datt dee Projet an dat Gesetz mat Sécherheet net a Contradictioun steet zu deem wat mer hei beabsichtegen am Horesca-Projet.

Also sinn all déi Befierchtungen elo, mir géifen…

***(Interruption)***

Jo, mä dat ass d'Wourecht, Här Asselborn.

…hei géint d'Leit vum Horesca-Secteur eppes maachen, hir Aarbechtskonditioune wesentlech verschlechteren, éierlech gesot net richteg. Et deet mer Leed, datt dann hei Pressemeldunge kommen: „Horeca: salaires à la baisse", an datt dann ee groussen Appel geriicht gëtt un d'Deputéierten, dee Projet do net ze stëmmen, dee Projet do vum Ordre du jour ze huelen, well e wesentlech Verschlechterunge géif matbrénge fir d'Personal, wat am Horesca-Secteur schafft. Ech fannen dat, franchement gesot, net seriö.

***(Interruptions)***

Une voix.- Dat ass puer Demagogie.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Neen, ech hunn hei kee Communiqué virleien, ech schwätzen hei vun deene Communiquéen déi ech hunn, Dir kënnt déi hei gesinn.

Wat awer besonnesch schlëmm ass, an dat muss ech awer hei zudéifst bedaueren, ass, datt den OGB-L een öffentlechen Appel un de Minister Biltgen riicht, dee sech agesat huet, datt et iwwerhaapt hei zu engem konkrete Resultat komm ass: „Die CSV möge das Wort sozial streichen", an e fuerdert op dat effektiv ze maachen, well d'CSV-Fraktioun schëlleg wier,…

***(Interruptions)***

…Här Asselborn,…

M. le Président.- Dir sollt net vu Leit schwätzen, déi net hei sinn an déi sech net kënne verteidegen.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- …un enger wesentlecher Verschlechterung par rapport zu den Aarbechtskonditioune vun de Leit. Dat däerf een net maachen, dat ass net seriö.

Mir hunn an der Kommissioun, Här Asselborn, elo soen ech lech dat och,…

***(Interruption)***

Mä dat mécht lech da vläicht Freed.

Mir hunn an der Kommissioun, Här Asselborn, eis orientéiert un deem wat de Conseil d'Etat an hirer Weisheit eis ugeroden huet ze maachen. An an deem Conseil d'Etat, Här Asselborn, do si jo och namhaft Sozialpolitiker,…

Une voix.- Ouh?

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Jo, jo.

…a mir waren der Meenung, wann déi do näischt géife soen an net een Avis minoritaire zum Ausdrock bréngen, datt de Statsrot Recht hätt fir deen Artikel 12 ze suppriméieren.

Une voix.- Här Glesener, mengt Der vläicht den Här Casteg-naro?

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Den Här Asselborn huet dat scho verstanen, en ass vläicht frou, datt ech dat elo gesot hunn.



***(Interruptions)***

M. le Président.- Dir sollt hei keng Nimm nenne vu Leit, déi net Member si vun der Chamber, an déi sech net kënne verteidegen. Dat soll ee sech ee fir allemol mierken!

***(Brouhaha général)***

Une voix.- Très bien, Här President, très bien.

M. le Président.- Neen, dat ass generell fir alleguer déi, déi hei sinn. Et soll ee keng Nimm nenne vu Leit, déi hei net d'Geleeënheet hu fir Stellung ze huelen.

Une voix.- Här President, mir si voll op Ärer Säit.

M. le Président.- Et kann een emol polemiséieren. Dat ass de bonne guerre. Et ka jiddferee Stellung huelen. Ech géif awer bieden, dem Riedner elo nozelauschteren.

Une voix.- Et ass gutt wann de President heiansdo seng Leit zur Uerdnung rifft.

M. le Président.- Dir sidd gebieden nozelauschteren.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Ech soen lech merci, Här President, datt Der d'Kolleegen opfuerdert mer nozelauschteren. Och den Här Bartolomeo soll dat maachen, well hien ass jo ee vun deenen, dee ganz oft hei Nimm nennt vu Leit, déi sech och net hei kënne verteidegen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Oh, also dat kënnt mer awer ganz selte vir.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Abee et kënnt lech awer vir. Merci.

Ech kann och net novollzéien, wa gesot gëtt, datt elo d'Beruffschamberen net a Kenntnis gesat gi wieren an net méi konnte reagéieren, opgrond vun deene katastrophale Veränneerungen, déi d'Kommissioun hei duerchgezunn huet, an eng Beruffschamber dat awer gemaach huet, dat ass d'Patronatsberuffschamber, da géif ech dat heiten éischtens kloer stellen, datt all Beruffschamber d'Initiativrecht huet, a wann eng Beruffschamber, à tout moment, der Meenung ass eppes ze soen iwwert oder während engem Débat parlementaire, an enger legislativer Prozedur, kann eng Beruffschamber dat maachen. Déi eenzeg, déi reagéiert hunn, dat waren d'Beruffschambere vum Patronat, a si hate Recht ze reagéieren, well effektiv den Artikel 12, dee mer agesat hunn, Onsënn war, ech hunn dat jo erkläert.

Déi aner Beruffschambere kënnen dat elo net soen an ech hunn dat elo hei gelies, haut de Mëtten hu mer de Rapport kritt vun der Privatbeamtechamber, déi mer enorm sympathesch sinn. Ech hu ganz staark a gutt a positiv Bezéiungen zu de Kolleegen aus der Privatbeamtechamber, well ech jo och laang Jore Member vun der Privatbeamtechamber war. Net, Här Bettendorf, mir zwee souzen niefteneen do.

***(Interruption et hilarité)***

Här Rippinger, Dir sidd ee Spaassvull.

D'Privatbeamtechamber mengt, mir hätten dee Projet hei fundamental ofgeännert zum negative vun deene Leit, déi do dra schaffen. Dat ass net wouer. Ech hunn elo bewisen, datt mer dee Projet effektiv net fundamental geännert hunn, mä mir hu leedeglech eppes erausgeholl wat ni drastoung. Deen Amendement, dee stoung net am Projet dran. Mir hunn deen dragesat a mir hunn e rëm erausgeholl. Mir hunn also fundamental dee Projet net geännert.

***(Interruptions)***

Zweetens ass dat kee Grond vun der Privatbeamtechamber fir ze verlaangen - obscho se dat kënne maachen -, dee Projet do, opgrond vun där fundamentaler Ännerung, déi keng fundamental Ännerung ass, vum Ordre du jour zréckzezéien an net ofzestëmmen. Wa mer dat géife maachen, dat wier doutschlecht, well da sinn ech iwwerzeegt, datt mer während deenen nächste Joren net méi zu engem Projet géife kommen. Dat wier mat Sécherheet net am Intérêt vun deene Leit, déi do schaffen, an net am Intérêt vun deene Betriber aus dem Horesca-Secteur.

Da wëll ech un d'Adress vum Här Asselborn awer och nach eng Bemierkung maachen. Är Fraktioun trëtt jo vehement derfir an - ech huelen un, datt dat elo nach geschitt, si huet dat jo an der Kommissioun gemaach -, datt mir géint eng wesentlech Verbesserung wären. Awer, Här Asselborn, Är eege Fraktioun ass sech net eens, wat se u sech wëllt an ass sech och net koherent.

Den 2 Juli kréien ech e Bréif ënnerzeechent vum Här Krecké, awer op Initiativ vum Jos Scheuer, eisem gudde Kolleeg Jos Scheuer, dee Problemer huet mat deem Horeca-Projet. Et ass säi gutt Recht, Problemer domat ze hunn. En huet verlaangt, datt mir eng Réunion jointe sollte maachen, d'Commission du Travail et de l'Emploi mat der Kommissioun vum Mëttelstand, fir eis nach eng Kéier mat deem Projet ausenanerzesetzen. Et deet mir Leed, datt den Här Scheuer net hei ass, well soss kéint e mir vläicht de Géigendeel soen. Et deet mer wierklech Leed, datt den Här Scheuer Problemer hat dermat, datt mir vläicht an deem Horeca-Projet ze wäit gaange sinn, awer bestëmmt net géint d'Intérête vun de Leit. Ech weess et net. Mir waren der Meenung, datt mir do dem Wonsch vun der sozialistescher Fraktioun net konnten nokommen, well u sech déi Kommissioun hei fir de Projet zoustänneg ass, a wann effektiv d'Bedenken esou grouss wieren, datt d'Kommissioun vum Mëttelstand och misst ee Rapport pour Avis maachen, da misst se dat maachen.

Ech weess, dass op d'Dränge vum Här Jos Scheuer de President vun där Kommissioun déi aner Kommissioun zesummegeruff huet, wou se och mol net de Minister dobäi haten, mä Vertrieder vun der Horesca dobäi haten. Dat ass awer gelungen. Mir hunn an eiser Kommissioun kee Vertrieder vun der Horesca geruff an och kee Vertrieder vun de Gewerkschaften. Wa Vertrieder vun der Horesca eeseiteg gehéiert ginn, da sollen zumindest och d'Gewerkschafte gehéiert ginn. Dir sidd net esou koherent.

***(Interruption)***

Et ass kee President, deen op eng eegen Initiativ hin eng Organisatioun invitéiert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Den Här Jung, dee brauch keen hanneru sech.

M. Ady Jung *(CSV)*.- Merci fir d'Unerkennung.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Den Här Jung ass vill an der Province de Luxembourg.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Mir gesinn, datt och d'Koherenz vun de sozialistesche Parteien net intakt ass an deem Fall do. Schlussendlech ware mir gutt beroden, ouni polemesch ze sinn an ouni eis a Widdersprëch ze verstrécken, ze versichen e Projet ze definéieren, dee mat Sécherheet e Maximum un Ofsécherung fir d'Personal aus dem Secteur bréngt, wou mir eis ganz kloer ugebonnen hunn un den Droit commun. An deem do konkrete Fall ass et den Droit commun deen zielt, wéi e fir jiddereen zielt, deen hei an dësem Land schafft, ob en an engem Industriesecteur schafft, ob en an engem Commerce-Betrib

oder an dem Horeca-Secteur schafft. Leit, déi am Horeca-Secteur schaffen, sinn a ginn net ausgeschloss par rapport zum Droit commun an ënnerleien deene selwechten Ofsécherungen a puncto Lounkonditiounen, Lounkierzungen am Zesummenhang mat Aarbechtszäitverkierzung, wéi all déi aner Leit. Alles wat hei gesot gëtt, a wat deem entgéintwierkt, ass net richteg.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn also iwwerzeegt, datt dat Gesetz am Intérêt vun alle Beschäftegten aus dem Horeca-Secteur ass. Hir Aarbechts- an hir Lounkonditioune gi verbessert a si kréien, wat hir Aarbecht betrëfft, méi Rechtssécherheet. Mat Sécherheet ass dëst Gesetz och am Intérêt vun den Etablissementer aus dem Horeca-Secteur. Dat neit Gesetz huet qualitativ Verbesserunge fir de Secteur zur Folleg.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dëst Gesetz ass also e ganz wichtegt Gesetz. D'Aarbechtsrecht hei zu Lëtzebuerg gëtt wesentlech erweidert a verbessert. Et betrëfft jiddfereen, deen oft ënner schwierege Konditiounen an deem Secteur muss schaffen, well wann et eis gutt geet a mir fräi hunn, da mussen déi Leit schaffen. Duerfir si mir frou, datt mir endlech zu enger gesetzlecher Basis kommen, déi d'Aarbechts- an d'Lounkonditioune vun deene Leit regelt. Duerfir kann ech net anescht wéi de Minister an d'Regierung ze félicitéiere fir déi Aarbecht, déi se gemaach hunn.

Ech soen och alle Kolleegen an der Kommissioun merci. Och nach eng Kéier dem Rapporteur fir seng Aarbecht an de Mataarbechter vun dem Minister, déi an d'Kommissioun komm waren. Als President soen ech merci fir déi laangwiereg Diskussiounen, déi mir gefouert hunn, déi net einfach waren. Duerfir hunn ech, vläicht e bësse méi polemesch, wéi gewinnt, déi Argumenter e bësse méi haart virbruecht. Et muss een dat heiansdo esou haart soen, fir verstanen ze ginn.

Ofschléissend ginn ech am Numm vun der CSV eis Zoustëmmung. Et ass ee gutt, e wichtegt an en noutwennegt Gesetz.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Lux agedroen. Den Här Lux huet d'Wuert.

**M. Lucien Lux** *(LSAP)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hätt u sech meng Ried haut de Mëtten aneschters ugefaangen, wëll allerdéngs soen, datt dat, wat mir elo deelweis vum Kolleeg Glesener, President vun eiser Kommissioun, héieren hunn, gelinde gesot, onwierdeg ass deem Rôle, deen een als President ëmmer gespillt huet. Haut de Mëtte louch en, mengen ech, wierklech derniewent. Besonnesch dat, wat en un d'Adress vum Statsrot an iwwert d'Initiativ vum Jos Scheuer gesot huet.

Ech muss éierlech soen, dass wat ech déi lescht zwou, dräi Wochen an der Kommissioun verfollegt hu mat deem Trauerspill, wat mir do erlieft hu bei engem Vote, deen huet misse fir d'zweete Kéier gemaach ginn, fir datt endlech dat d'Resultat géif erauskomme wat d'Majoritéit an d'Regierung gäre gehat hätten. Wann een also esou blamabel a peinlech zum Deel an deene leschten dräi Wochen an der Kommissioun gefuer ass, dann hätt ee sech déi do Lektiounen u verschidde Leit de Mëtte kënnen erspueren, Här Glesener.

***(Interruptions diverses)***

**Une voix**.- Egal mat wat fir engem Koalitiounspartner, d'CSV sëtzt ënnert dem Dësch.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Lux. Déi aner sollen nolauschteren.

**M. Lucien Lux** *(LSAP)*.- Här President, ech wollt fir d'éischt dem Kolleeg Nico Loes merci soen, éierlech merci soe fir déi Méi, déi e sech an der Kommissioun tout au long vun eise Sëtzunge gemaacht huet, an och de Mëtten objektiv d'-Diskussiounen, déi mir haten, hei reproduzéiert huet. Dee Merci vun eiser Fraktioun geet och un den Aarbechtsminister Biltgen a seng Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi an deemselwechte Geescht, bis ausser déi zéng Minutten, déi mir elo hei hu mussen erliewen, op eng roueg, sachlech an zum gréissten Deel och fachlech Aart a Weis versicht hunn zu engem gudden Enn ze kommen.

De 24. November 1970 huet de Rapporteur vum deemolege Gesetz iwwert d'Aféierung vun der 40-Stonne-Woch, spéitstens à partir vum 1.1.1975, well et jo an Etappe gaangen ass, Folgendes gesot an ech wëllt en zitéieren: „Wann dëse Projet fir déi opgezielte Kategorië speziell Bedingunge virgesäit", an d'Horesca huet zu deene gehéiert, „dann ass dat, well dës Leit ganz bestëmmten a spezifeschen Aarbechtsbedingungen ënnerworf sinn. Wéi gesot, sollten an dëse Fäll d'Aarbechtsbedingungen duerch Kollektivvertrëg geregelt ginn an nëmmen, wann dat net geschitt, da soll op dem Wee vu Reglementer där Karenz vu Kollektivvertrëg nogeholl ginn, dat heescht an deem Fall soll d'Regierung um Reglementswee eng Regelung treffen". An en huet weiderhin nach gesot: „D'Kommissioun huet sech mat dëser Grondsazregelung a mat hiren Ausnahme bereet erklärt, erwaart awer vun der Regierung, datt déi versprache Regelung och geschwë getraff gëtt".

Den Här Aarbechtsminister vun där Zäit seet, de Rapporteur huet der Kommissioun Zousécherungen an deem Sënn gemaach. De Rapporteur vun 1970 war kee Geréngeren als eisen aktuelle President, de Kolleeg Jean Spautz. Mir stellen haut alleguer zesumme fest, datt den Ausdrock an d'Definitioun vu geschwënn déi Zäit eng ganz relativ war - ganz dehnbar, Här Loes -, well mir 32 Joer duerno musse feststellen, datt geschwënn am Dezember 2002 stattfënnt.

Iwwer 30 Joer also huet an deem Beräich d'Patronat mat Erfolleg et fäerdeg bruecht fir d'Pist vum Kollektivvertrag ze verhënneren, an ech mengen, esou däitlech muss een et de Mëtteg och kënne soen. An eigentlech, a mat deem Message kënnt ee scho bal ophalen, ass jo de grousse Gâchis vun deem wat mer elo 32 Joer als gesetzlosen Zoustand erlieft hunn deen, dass d'Sozialpartnerschaft hei échouéiert huet. Dass d'Patronat, d'Betriber an d'Gewerkschaften op där anerer Säit et an 32 Joer net fäerdeg bruecht hu sech zesummen ze setzen, well ebe just dann hätt nämlech e Kollektivvertrag kënne vill besser fäerdeg bruecht ginn, wéi wann een dat iwwer Gesetz, iwwert Droit commun mécht, fir ebe just de Spécificitéite vun deem Secteur, déi évident sinn an déi mer alleguer kënnen, wa mer e bësse realistesch sinn, Rechnung droen an hinne gerecht ginn.

De Gesondheetssecteur ass 1970 och erausgeholl ginn aus dem 70er Droit commun, mä deen huet et laang fäerdeg bruecht iwwer Kollektivvertrëg sech och spezifesch Léisungen ze ginn, déi a Kollektivvertrëg eragemündt sinn an déi dofir och eng Situatioun an d'Rei bruecht hunn.

An da muss een och soen, dass - an dat soe mer un d'Adress vun eis alleguer, a virdrun hu mer jo doriwwer e bësse gestridden - fir eis Partei och fënnef Joer gëllen, wou mir den Aarbechtminister haten, och zu deenen 32 Joer, do iwwerhuele mer also och fënnef Joer d'Responsabilitéit. Et huet och 30 Joer de Mumm gefeelt, en absence vu Kollektivvertrëg, dëse Problem dann eben um reglementareschen, dat heescht, um gesetzleche Plang ze regelen. Iwwer 30 Joer, an ech hätt gären, dass mer dat nach eng Kéier novollzéien, huet an deem Secteur d'Gesetz vum Dschungel geherrscht, hate mer keng Dispositiounen, déi et erlaabt hunn, dass d'Leit sech géint d'Willkür konnte wieren.

Wann ech elo dann de Rapport Nico Loes zitéieren, well wa mir dat jo soen, da gëtt direkt gesot, mir wieren extremistesch, polemesch an ech weess net wat, am Rapport Nico Loes steet am Ufank direkt folgende Saz: „Sans vouloir affirmer de manière générale que les conditions de travail sont toujours et partout extrêmement mauvaises, il y a des situations intolérables, notamment au niveau des petites entreprises où il arrive encore trop souvent que des salariés soient à la merci de leur patron."

Dat ass de Rapport Nico Loes. Dozou hu mir näischt bäizefügen, well dat zum gréissten Deel eng Situatioun erëmgëtt, wéi mer se an deem Secteur erlieft hunn. Ech géing gäre wëssen, wéivill dausenden an dausenden Aarbechtsstonnen an 32 Joer an deem Secteur do geschafft an net bezuelt gi sinn. Déi Zuel géif ech haut gäre wëssen, an ech mengen, dass mer eis och selwer sollten alleguer an de Spigel kucke fir ze gesinn, dass mer net esou laang enger gewëssener Attitude vu Laissez-faire a Laissez-aller hätte kënnen nokucken. Vläicht huet d'Lobby gefeelt.

***(Interruptions)***

Dir hutt jo d'Wuert herno nach, Här Koepp, da sot Dir eis wat Der zum Projet ze soen hutt.

Et kënnt ee vläicht dovun ausgoen, dass mer keng wierksam Lobby, wierksam Gewerkschaften an deem Secteur haten. Vläicht och den Ëmstand, dass vill auslännesch Salariéën an deem Secteur sinn, vill Fraen dra sinn a esou virun.

Mir hunn de Moien iwwert de Mindestloun geschwat. Do gëtt et jo dann Interferenzen iwwert déi een dann an deem Moment och kënnt diskutéieren.

Op jidde Fall a wéi och ëmmer, esouwuel d'Sozialpartnerschaft wéi och d'Politik hu sech bei deem heite Problem net mat Ruhm bekleckert. Dat ass dat mannst wat ee ka feststellen.

Den 19. Dezember 1990 hunn ech als Deputéierte meng éischt Question parlementaire gestallt, an déi hat zum Thema d'Aarbechtszäit am Horeca-Beräich. Ech hunn ënner anerem gefrot: „Quand le Gouvernement envisage-t-il enfin d'abolir cette discrimination touchant plusieurs milliers de salariés parmi les plus démunis?" Den Aarbechtsminister vun där Zäit, den Här Jean-Claude Juncker, huet mer de 16. Januar 1991, virun 11 Joer, folgendes geäntwert, an dee Saz hu mir an den nächste Joren nach méi oft héieren. Ech mengen, den Här Bausch war och ee vun deenen, déi alt ëmmer erëm gefrot hunn. Den Här Juncker huet also geäntwert virun 11 Joer: „Si un tel accord collectif n'intervient pas dans des délais raisonnables, le pouvoir réglementaire devra nécessairement faire usage de son pouvoir d'initiative et imposer une réglementation." Dat war virun 11 Joer, wéi mer déi doten Äntwert kritt hunn a, wéi gesot, mir hunn duerno nach öfters déiselwecht Äntwert kritt.

Ech wëll och hei am Numm vun eiser Fraktioun…

***(Interruptions)***

…ganz däitlech soen, dass mer et begréissen an him félicitéieren, dass den aktuellen Aarbechtsminister, de Fränz Biltgen, d'Eisen ugepaakt huet a sech d'Méi gemaach huet, fir zu enger Léisung ze kommen, iwwert déi mer haut diskutéieren an ofstëmme wäerten. Ech mengen, dass dat begréissenswäert ass an dat maache mer dann och, wann et esou ass.

Ech wëll allerdéngs och soen, fir eng kleng Klamer opzemaachen, Här Minister, ech hunn e Samschteg am Lëtzebuerger Wort Ären Interview als zukünftegen neie President vun der CSV gelies, an Dir hutt do an engem gewëssene Moment gesot, dat war sécherlech ee groussen Aarbechtsopwand, deen op Iech géif zoukommen, mä Dir hätt am Aarbechtsministère praktesch all Problemer, all Reformen hannerun Iech, oder op de Schinnen, an deementspriechend hätt Der also elo gutt Zäit fir Iech ëm d'Présidence vun der CSV an aner Saachen ze këmmeren.

Ech wëll Iech just soen, verfaalt net dem Feeler Iech selwer ze beléien. Wann een déi grouss Brocke kuckt, da kann et jo wuel net sinn, dass eng Aarbecht erleedegt ass, wann, wéi beim Kollektivvertragsgesetz, e Projet deponéiert ass, iwwert dee jo dobaussen nach ganz vill gestridden an och sécherlech heibannen nach ganz vill diskutéiert wäert ginn. Wann ee bei der ITM am Januar emol een Audit presentéiert, da si mer nach wäit ewech vun der Léisung vum Problem vun der ITM. Wann ee sech zefridde gëtt bei der Cogestioun, der Reform vun de Mattbestëmmungsgesetzer, mat enger Motioun, déi hei vun der Majoritéit ugeholl ginn ass, fir Iech ze biede bis Enn 2003 emol e Projet virzeleeën. Wann Der da mengt Dir hätt da keng Aarbecht méi am Aarbechtsministère, da géif ech mengen, Dir sollt Iech net, wéi gesot, selwer beléien a kucken, dass ebe just wichteg Projete vun dëser Legislaturperiod nach laang net un hirem Enn sinn, dat heescht zum Vote kommen, a wa se gestëmmt gi sinn, da wësse mer, dass jo och d'Ausféierungsbestëmmungen an d'Exécutioun an der Realitéit och dem Aarbechtsministère wäerten ënnerleien. Dat heescht, vill Aarbecht wäert och an deenen nächste Méint nach op Iech waarden an deem Zesummenhank.

**M. le Président**.- Här Minister.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Wann den Här Lux näischt dergéint huet, soen ech him, dass e Recht huet.

**M. le Président**.- Den Här Lux huet näischt dergéint, wéi ech gesinn.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Ech mengen, dass ech dat och am Interview gesot hunn, besonnesch well den Aarbechtsminister aner Problemer huet wéi Gesetzer ze maachen. Wa Problemer a Betriber sinn, ass den Aarbechtsminister ëmmer drun. Dat maachen ech all Dag, ouni dass et oft an der Zeitung steet.

Dat wat ech wollt soen, an dat ass och richteg esou, dat ass, dass mer ganz villes op de Schinnen hunn. Et ass en Ënnerscheed fir d'Aarbecht vum Minister, ob e Projet deponéiert ass oder ob en an der Mautsch ass. E Projet ze schreiwe wéi e Kollektivvertragsgesetz, dat huet ganz vill Energien am Ministère gebündelt, an déi Energië ginn och elo genotzt fir déi nächst Projete wéi versprach 2003 op den Instanzewee ze bréngen. Ech bleiwen dobäi, dass d'Matbëstemmungsgesetzer 2003 op den Instanzewee kommen. Do schaffe meng Leit drun. Datselwecht zielt fir den ITM, wa mer do eng helleg Allianz maache fir de BIT-Audit ëmzesetzen, kënnt dat och. An en drëtte Projet, deen ech och nach 2003 dierf deponéieren, ass dee vum Code de travail. An dozou stinn ech an op deenen Akte musst Der mech jugéieren. Ech gi gären zou, dass ech Retard hunn. Wann ech net krank gewiescht wär an ech hätt méi Energie während sechs Méint gehat, wär ech méi wäit. Ech sinn elo net méi wäit. Ech hunn an deene leschte Méint vill versicht de Retard opzehuelen. Wat ech verspriechen, halen ech.

**M. Lucien Lux** *(LSAP)*.- Ech wëll zréckkommen zum Projet vun der Horeca a mengen, dass den Aarbechtsminister mech net wäert dementéieren, wann een hei an deem Zesummenhank a vun deem klengen Historique vun deene leschte Méint besonnesch kann ervirhiewen, dass e sech am Dezember d'lescht Joer virun allem bei der Ausaarbechtung vun dësem Projet op Viraarbechte vun der Gewerkschaft OGB-L baséiert huet. En huet dat oft an deene leschte Méint och betount an et kann een da wuel feststellen, dass den OGB-L, deen elo hei vum Här Glesener am Zesummenhank mat deenen Evénementer vun deenen zwou, dräi leschte Wochen dohinner gestallt ginn ass als e polemesche Partner, während Méint en nëtzleche Partner war, fir zu dësem Projet de loi ze kommen, an dass also déi éischt Texter maassgeblech beafloosst gi si vun de Viraarbechten, déi gemaach gi sinn.

De Minister huet se sech zu Recht op déi Zesummenaarbecht ëmmer beluewegt. Dass en haut Kritik a béis Bréiwer muss astiechen a sech Eenzeler vum Projet distanzéieren, dat hu sech an eisen Aen de Minister an d'Majotitéit selwer zouzeschreiwen.

Ech wëll an deem Zesummenhang, wann hei den OGB-L genannt ginn ass, nëmme soen, dass mer gëschter an der Zeitung Aussoe vum LCGB gelies hunn, déi a genau déiselwecht Richtung gaange sinn. Och den LCGB ass der Meenung, dass mat deenen Dispositiounen, op déi ech nach kommen, eng wesentlech Verschlechterung vum Gesetz gemaach géing ginn. Ech mengen, wann een also seet OGB-L, da soll een och den LCGB, dee genau déiselwecht Positioun an deem Zesummenhang huet, nennen.

Déi Aart a Weis wéi de Projet, an eisen Aen eesäiteg zurecht gestutzt ginn ass, an doriwwer hunn ech scho geschwat, dass hei déi Aart a Weis, wéi d'Parlementarier aus der Majoritéit zu engem Amendement, dee se selwer am Juli vun dësem Joer abruecht hunn, sech dann op de Kënn späitzen, fir en erëm eraus ze huelen, déi Method wéi de Votum an der Kommissioun gelaf ginn ass, nei ugesat ginn ass, hunn ech kommentéiert a ka schlussendlech nëmmen de Kapp réselen.

Och d'Chambre des employés privés wëll ech a Schutz huelen. Ech mengen och si hätt d'Recht gehat, an dat ass eng Kritik, déi mir vläicht och un eis selwer musse maachen, dass wa mir am Juli eis parlamentaresch Amendementer eraginn hätten, dann hätte mir och kënnen décidéieren, angesichts der Tatsaach, dass hei bei deem Projet vun Ufank u vill, zesumme mat de Sozialpartner, diskutéiert ginn ass, hätte mir déi Amendementer och kënnen un d'Chambres professionnelles ginn, wann ee weess dass den Avis vum Statsrot ganz spéit komm ass, ech menge véier Méint duerno, a se d'Geleeënheet gehat hätte fir drop ze äntweren an och hiren Avis ze ginn.

Ech wëll och eppes soen, wat, mengen ech, an deem Zesummenhang hei wichteg ass, dat ass dat, dass eis Fraktioun, Här President Glesener, vun Ufank un eng responsabel Attitude un den Dag geluegt huet, fir iwwert dee Projet hei ze diskutéieren.

Mir hunn déi spezifesch Situatioun vum Secteur akzeptéiert, d'Tatsaach dass een Iwwergäng muss schafen, d'Tatsaach dass een Iwwergankszäite muss schafen,

d'Tatsaach dass een e graduellen Iwwergang brauch, fir aus där Situatioun, an där de Secteur haut ass, zum Droit commun vun 1970, dass een dat an Etappe soll maachen, dass een do Iwwergäng bräicht, dass een dat net brutal soll maachen, vun uewen erof, par la volonté du Mufti décrétéiert, fir den 1. Januar 2003 fir jiddferee soll maachen. Mir hätte wéi anerer och do kënnen eis Grondiwwerzeegunge vum Droit commun dohinner leeën an Drock maachen an déi Richtung. Dat hu mir ni gemaach.

Ech mengen den Här Jaerling ass deen eenzegen am Numm vu sech selwer, oder am Numm vum ADR, deen eis haut an der Kommissioun gesot huet, firwat ginn hei iwwerhaapt Ausnahme gemaach an esou weider. Deen aller eenzegen. All déi aner ware bereet ze akzeptéieren, dass een deen Iwwergang brauch, dass mer Dérogatioune brauchen. De Wee, wou mir hi wollten, dee war kloer, d'Zil war kloer, mä de Wee dee mer gesicht hu sollt sécherlech kuerz sinn, mä e sollt sécherlech déi Iwwergäng do hunn.

Mir hu bis zum Schluss Kompromëssbereetschaft, wéi gesot, heiansdo entgéint vun eise Grondiwwerzeegungen, gemaach. Ech wëll e puer Beispiller nennen. D'Tatsaach dass mer de Plan d'organisation du travail, de POT aus dem PAN-Gesetz, an de Register, déi mer dann aféiere fir anzeschreiwe wann déi zwee, Salarié a Patron, sech eens gi fir iwwer eng gewësse Limite ze schaffen. Dovunner si mir net iwwerzeegt, dass dat richteg ass,…

***(Interruption)***

…an de Statsrot, dee jo keng sozialistesch oder gewerkschaftlech Héichbuerg ass, huet jo och bei deem Prinzip ganz grouss Awänn gehat; net nëmmen deen.

Wa mer de Moien nach geschwat hunn, beim Projet vum Détachement, dass mir vill heibannen zweifelen, dass déi Gewerbeinspektioun, déi dat dote soll kréien, iwwerhaapt an der Lag ass, personnel an och soss, fir dat iwwerhaapt ze kontrolléieren. Mir hunn also do grouss Bedenken, mir hunn deem awer zougestëmmt well mir der Meenung sinn, dass een déi Iwwergäng do brauch.

Bei der Eropsetzung vun der Referenzperiod an deene leschten zwou Wochen, vu véier Méint op sechs Méint, ass do de Statsrot dogéint gewiescht, well en der Meenung ass, dass déi Définitioun, déi mir hei vun der touristescher Héichbuerg ginn, net richteg ass, an dass et der am Prinzip hei zu Lëtzebuerg gëtt, déi soen, dass et just Veianen ass, wat d'Prinzipië vun der Direktiv, wat den Tourismus ubelaangt, hiergëtt, mä all déi aner net.

Ech wëll just soen, de Statsrot, dee keng gewerkschaftlech Héichbuerg ass, huet hei ganz grouss Bedenke gehat. Bei der Fro déi hei ganz komplizéiert erkläert ginn ass, wann e Salarié muss Loun zréckbezuele beim éischte Patron, wann e bei engem zweete Patron während enger Rouzäit, also am Prinzip fir d'zweete Kéier bezuelt gëtt an dann déi Sue muss zréckbezuelen; do huet de Statsrot ganz evident juristesch ganz däitlech Bedenke gehat.

Mir waren trotzdeem der Meenung, dass een an déi Richtung soll matgoe fir d'Geleeënheet ze kréien, dem Droit commun lues awer sécher méi no ze kommen, an déi juristesch Bedenken, déi een huet, déi si jo net vun der Hand ze weisen.

Ech si muer gespaant, wann deen éischte Salarié hei viru Geriicht geet, fir do ze kloen, an de Richter geet, ënner anerem och bei den Documents parlamentaires, den Avis vum Statsrot kucken an esou virun, da sinn ech gespaant wat do dobäi eraus kënnt.

Wann een zum Beispill weess dass dat eng Lex Horesca ass, dat ass e Prinzip, dee gëtt et just an deem Secteur, dee betrëfft net d'Salariéen aus anere Secteuren. Wann ee weess dass souguer an deem Secteur Horeca selwer d'Aarbechter ënnert dee Prinzip do falen an d'Beamten zum Beispill net dorënner falen. Alles dat sinn Awänn, déi kann ee jo net vun der Hand weisen, ech mengen déi muss een dach awer zur Kenntnis huelen.

A schlussendlech mengen ech och ebe just déi Prinzipien, fir ze schaffen, iwwer eng gewëssen Aarbechtszäit, mam Accord vum Salarié an d'Aschreiwen an d'Registerbuch, si Prinzipie wou mir eis wierklech hu missen drécke fir kënnen d'accord ze sinn an déi Richtung ze goen, am Zesummenhang mat enger responsabeler Haltung, déi mer haten.

Ech wëll dobäi dem Kolleeg Glesener soen, a kommen dann zu deem Haaptsträitpunkt, dee mir jo an deene leschten Deeg, leschte Wochen haten…

Une voix.- Mir hate soss kee Sträitpunkt.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Well mir eis vill Méi ginn hunn.

Ech wëll just soen, déi Äntwert déi hei gemaach ginn ass, un dee Kommentar zum Avis vum Statsrot, hunn ech gesot, hunn ech onwürdeg fonnt.

De Statsrot kann der Meenung sinn, dass deen Amendement, dee mir gemaach hunn, superfétatoire ass. Fir ze soen, fir et nach eng Kéier kloer ze maachen, de Prinzip, dass hei keng Lounreduzéierung däerf verbonne si mat där Aarbechtszäitverkierzung, déi dëst Gesetz virgesäit; fir et elo emol vereinfacht ze soen.

Iwwert dee Prinzip, muss ech soen, hu mir an deene leschte Wochen als LSAP-Fraktioun sechs Juriste consultéiert a sechs verschidde Meenunge kritt. Et ass also emol ganz schwéier fir sech hei eens ze gi wat dann elo richteg ass a wat falsch ass.

Ech muss allerdéngs soen, fir da beim Statsrot ze soen, gëtt et an deem Statsrot net vläicht do och ganz sozial engagéiert Memberen. Dir hätt och direkt kënne soen, gëtt et net den Här Castegnaro an deem Statsrot, deen en Avis séparé gemaach huet.

Här Glesener, wann Dir bis zum Enn vun Ärer Argumentatioun gefuer wäert, dann hätt Dir solle soen, dass de Statsrot zwar en ordre principal seet - an ech mengen, dat war net fair, fir et esou duer ze stellen -, en ass superfétatoire. Mir mengen, dass et net noutwendeg ass dat do nach eng Kéier dran ze schreiwen.

Mä e seet awer och en ordre subsidiaire - an do hätte sech jo da verschidde Memberen och wuel kënnen erëmfannen -, dass Dir dat och kënnt draloossen, wann Dir dat wëllt maachen. An en huet eis souguer eng nei Formulatioun, déi där vun 1970 ganz no kënnt, proposéiert. Dat wär de genauen Historique gewiescht vum Avis vum Statsrot. Dofir weist net mam Fanger op eenzel Leit, déi kënne mat där Léisung en ordre subsidiaire gutt liewen, well et déi ass, déi och a Wierklechkeet, menge se, déi richteg ass.

An ech géif dann zréckkommen, well mir jo hei a sech näischt aneschters maachen, wéi mat 32 Joer Verspéidung eis un 1970 upassen. Et ass jo dat wat mir maachen, wat de Rapporteur Jean Spautz deemools "geschwënn" genannt huet, dat maache mir jo haut; an et ass näischt aneschters.

Och an de Grondregele vun 1970 steet dran, an ech zitéieren de Chapiter 3, Artikel 18 vum Gesetz vun 1970: „Sans préjudice des dispositions de convention plus favorables des réductions de la durée de travail résultant de l'application de la présente loi et de ces réglements d'exécution ne peuvent entraîner en aucun cas une diminution de rémunération." Dat ass de Prinzip vum Droit commun vun 1970.

A well mir hei eng extra Loi Horesca maachen, sinn a bleiwe mir der Meenung, dass een dee Prinzip och an de Grondregele vun dem Gesetz vun 2002 nach eng Kéier hätt solle kloer énumeréieren, en sachant bien dass d'Juristen där enger an där anerer Meenung sinn, dass et do vill verschidde Meenunge gëtt fir kloer ze maachen, dass dat d'Volontéit vum Gesetzgeber ass, fir et esou ze maachen.

***(Interruption)***

An der mëndlecher Erklärung vum Rapporteur Jean Spautz deemools - wëll ech och nach eng Kéier zitéieren - seet den Artikel 18 ausdrécklech, dass d'Erofsetzung vun der Aarbechtszäit, déi sech aus dësem Gesetz an den uschléissende Reglementer op ausführende Bestëmmungen ergëtt, a kengem Fall eng Erofsetzung vum Loun vum Aarbechter no sech zéien däerf, oder iergendwellech Avantagen, déi e virun dësem Gesetz zouerkannt kritt huet, däerf verléieren. An anere Wierder: Dësen Artikel consacréiert de Prinzip vum volle Lounausgläich.

Den 20. Juni 2002 hunn ech am Numm vun eiser Fraktioun an der Kommissioun dës Fro opgeworf, an de Minister ass vun der Kommissioun beoptraagt ginn en Amendement auszeschaffe fir dee Prinzip "keng Lounreduktioun" an de Gesetzprojet anzebréngen.

De 15. Juli 2002 ass dësen Amendement virgeluegt ginn a vun der Kommissioun eestëmmeg ugeholl ginn. Ech wëll also nach eng Kéier betounen, dass deen Amendement, iwwert deen elo gestridde ginn ass, eng Aarbecht ass, déi am Ministère gemaach ginn ass. Déi ass vum Ministère an d'Chamber komm, si ass zwar als parlamentareschen Amendement weider gaangen, mä si ass als Optrag un de Ministère gaangen, an och de Ministère huet den Amendement ausgeschafft.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- De Prinzip gouf arrêtéiert an der Kommissioun a mir hunn d'Redaktioun gemaach.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Ech hunn elo wierklech näischt aneschters gesot. De Prinzip ass an der Kommissioun mat Ärer Presenz a mat Ärer Awëllegung festgehale ginn an am Minstère ausgeschafft ginn. Duerno, de 15. Juli 2002, ass den Text vun der Kommissioun arrêtéiert ginn. Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, dass bei där Geleeënheet - an dat schéngt mer ee vun de Punkten ze sinn, wou mer eis mussen driwwer kloer sinn - an deem Amendement, dee mir de 15. Juli 2002 zréckbehalen hunn, net nëmmen de Prinzip dass keng Lounreduktioun verbonnen ass mat der Aarbechtszäitverkierzung, mä och nach eng Kéier den Hiweis, ech zitéieren: „Sans préjudice de l'application de l'article 37 de la loi modifiée de 1989 sur le contrat de travail."

Ech hunn deemools an der Kommissioun proposéiert de leschten Ofsaz, de Verweis op d'Referenz vum Artikel 37 erauszehuelen. Dat ass awer majoritär ofgelehnt ginn. Ech géif dofir och gäre kloer maachen, dass et fir eis wichteg ass, dass hei zwee Prinzipien, mir hätte gär gehat, dass de Prinzip vun 1970 och an der Lex Horeca nach eng Kéier kloer an däitlech géif dran enthale sinn. De Verweis op den Artikel 37 kann ee sech effektiv erspueren. Do sinn ech mat jiddferengem d'accord, och mam Conseil d'Etat. Dee muss een net hunn. „Chacun est censé de connaître la loi", den Artikel 37, dee jo virgesäit, wann d'Dispositions essentielles vun engem Contrat de travail violéiert oder geännert ginn, dass een dann iwwert déi Prozedur, wat eng Procédure haute ass, muss goen. Ech mengen, déi sinn evident. Den Avis vum Statsrot seet - ech hunn dat virdru gesot - ganz kloer, wat säin Ordre principal ass a wat säin Ordre subsidiaire ass.

Ech géif och gäre wësse firwat dat, wat den 20. Juni an de 15. Juli an der Kommissioun gutt a richteg war, wat do diskutéiert ginn ass an eestëmmeg zréckbehale ginn ass mat all deene Juristen, déi vum Ministère du Travail do souzen, op eemol am Dezember falsch ass. Firwat hunn elo op eemol all déi Leit, déi elo wéi den Här Glesener mat enger gewëssener Suffisanz hei maache wéi wa mir alleguer Blanië wären, déi dat do net kéinte juristesch schnallen, alleguerten Onrecht, wann et nach am Juni an am Juli och eestëmmeg an der Kommissioun mam Minister, mat senge Juristen an esou weider, richteg war, fir ze soen, dass wa mer den Droit commun vun 1970 wëlle realiséieren, da setze mer och nach eng Kéier dee Prinzip an d'Gesetz vun 2002 dran?

An ech géif och gäre wëssen, vu dass jo - an dat ass hiert legitiimt Recht - d'Patronatsvertriedung vun der Horeca opgrond vun deenen Amendementer nach eng Kéier den Tour gemaach huet bei de Minister a bei d'Fraktiounen, an och bei der LSAP-Fraktioun war, fir ze versichen drop hinzeweisen, dass dat doten net ka geschéien.

Zu deem doten Amendement, Här Glesener, deen elo op eemol superfétatoire ass, seet d'Horesca, de Patronatsverband, an hirem Avis Folgendes: „L'Horesca peut comprendre cette disposition en ce qui concerne le taux horaire des salaires, mais s'oppose catégoriquement à son application au salaire mensuel ou annuel, ceci équivalant, du fait de la réduction du temps de travail, à une augmentation salariale pure et simple qui ne manquera certainement pas d'avoir un impact négatif durable sur l'ensemble du secteur que nous représentons."

Hie seet do genau datselwecht - an ech hätt dat de Mëtteg nach kënne matbréngen, mä ech erspueren lech dat -, wat och 1970 d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers an zum Deel och de Statsrot zu dem Artikel 18 vun 1970, nämlech zum Prinzip keng Lounreduktioun duerch Aarbechtszäitverkierzung, geschriwwen hunn. All déi dote Saache sinn ofgeschriwwe ginn. Déi hunn nämlech gesot: „D'Ekonomie geet bei der Däiwel. Dir wäert gesi wat dat do fir néfaste Konsequenze fir d'Ekonomie wäert hunn."

Et war zwar alles net esou wéi meeschtens. Och beim Mindestloun a bei anere Sache gouf esou gemaach, wéi wann de Ruin géing virun der Dier stoen, meeschtens ass et jo net esou agetratt, mä och deemools hunn déi doten dat gesot. Ech géing duerfir gäre wëssen, ob Der dann der Horesca, déi nogerechent huet, dass dat bis zu 25% Lounaugmentatioun kënnt mat sech bréngen, och gezielt hutt wat Der de Mëtteg gezielt huet, dass dat, wat si gären hei eraus hätten am Prinzip, souwisou superfétatoire ass, well dat de Prinzip ass, dee richteg ass. Dat ass déi Fro, déi sech a Wierklechkeet stellt.

Ech wéilt net soen, dass d'Horesca net hire legitimen Intérêt hat fir dat ze maachen. Ech bedaueren, wéi d'Chambre des Employés privés an anerer, dass mer et net fäerdeg bruecht hunn, nach eng Kéier eis Zäit ze huelen, den Otem nach eng Kéier unzehalen an och mat all deene Partneren, déi sech vill an op eng responsabel Aart a Weis involvéiert haten, well och d'Gewerkschaften hätte kënne maximalistesch am Dezember d'lescht Joer, wéi se fir d'éischt a Kontakt getrue- de si mam Aarbechtsminister, e Bréif schreiwe mat engem Saz: „Mir hätte gär den Droit commun. Mir hätte gären 1970. Punkt, Schluss, Feierabend."

Neen, si hunn dat net gemaach. Si waren d'accord mat Iwwergangszäiten, si waren d'accord mat Derogatiounen, si waren d'accord mat Spezifissitéiten an esou virun. Et hätt een also, eleng fir dat ze respektéieren, déi Attitude responsable, déi d'Gewerkschaften haten, nach eng Kéier am Zesummenhang mat dem leschte kënnen en Tour dréien. Dann hätt een all déi Kriticken, déi elo gemaach ginn, sech kënnen erspueren.

Wat déi zwee Votumen ugeet, mengen ech, muss ee jo schmunzelen doriwwer, esou wéi den Här Paul-Henri Meyers dat elo mécht, wéi dat ofgelaf ass. Ech mengen, dass dat och elo net méi ganz wichteg ass. 1970 - an ech wëll lech just dat nach virliesen -, beim Artikel 18 iwwert deen dote Prinzip, huet d'Chambre de Travail folgende Saz geschriwwen: „Chaque fois encore qu'il a été question de diminuer le nombre des heures de travail, les employeurs poussaient des cris d'orfraie en prédisant les pires catastrophes." Dat war och haut bei der Horesca esou. Déi hunn och gemaach, wéi wann dat de Ruin vum Secteur wär.

Ech wëll dann awer och d'Chambre des Métiers vun 1970 zitéieren, déi gesot huet: „La Chambre des Métiers tente à rendre attentif aux conséquences économiques que la réalisation du présent projet entraînera sur la plan général et plus particulièrement aux effets désastreux qui se feront sentir d'une façon inévitable dans le secteur des petites et moyennes entreprises de l'artisanat." Ech mengen, dat kenne mer.

Ech wëll nach eng Kéier soen, an dofir och nach e Wuert zum Kolleeg Jos Scheuer, deen de Mëtteg mat enger akzeptabler Excuse hei net bei deem Débat derbäi ass, wou hie gären dobäi gewiescht wär: Et ass dann och wuel respektabel wann en Deputéierten d'Geleeënheet an d'Initiativ hëlt, fir an der Kommissioun vun de Classes moyennes, well hien net Member ass vun där Kommissioun, déi sech drëm beschäftegt, en Débat ze féieren an ze kucken: Wat sinn dann - hien huet näischt kritiséiert, hien huet keen Amendement kritiséiert, hien huet keng Dispositioun vun deene Virschléi kritiséiert, et ass him drëm gaangen, an dat wäert jo wuel nach erlaabt sinn, fir ze kucken an de Classes moyennes mat der Présidence vum Här Jung - d'Auswierkungen? Wat seet d'Ekonomie? Wat soen d'Décideuren? Wat soen d'Betriber derzou? Dat wäert jo wuel nach erlaabt sinn.

Ech wëll hei nach eng Kéier soen, wat ech virdrun als Zwëscheruff gemaach hunn: Et war net den Här Scheuer, deen eesäiteg just d'Horesca invitéiert hat an d'Kommissioun ze kommen. Dat war, mengen ech, eng Initiativ vum President, an och dass just de Mëttelstandsminister do war an net den Aarbechtsminister. Ech mengen, dat ass jo wuel net e Virworf, deen een un den Här Scheuer kënnt maachen, well och domat hat hien näischt ze dinn.

Ech mengen, den Här Glesener wollt eppes soen.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Neen, Monsieur, herno, wann Dir fäerdeg sidd.

Une voix.- Här Lux, ech wollt awer och soen, dass den Här Scheuer mir nach eng aner Explicatioun ginn hat, firwat dass hien haut net zu deem heite Projet Stellung hëlt.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Wat fir eng war dat dann?

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Ech wëll zum Schluss kommen, fir nach

eng Kéier kloer ze maachen, dass et eis drëm gaangen ass, fir engersäits duerch déi Amendementen, déi mer zum Deel zréckgezunn hunn - an ech hu se hei alleguer exposéiert -, de Spezifissitéite vum Secteur gerecht ze ginn a wa méiglech en Iwwergank ze maachen, deen net ze vill brutal wär, a fir deene ganz verschiddene Kategorië vu Beschäftegten, déi et an deem Secteur gëtt, och gerecht ze ginn.

Mir wëssen, dass haut an deene groussen Entreprisë vum Secteur zum gréissten Deel Kontrakter mat der 40-Stonne-Woch an där Applicatioun bestinn. Mir wëssen, dass et Kategorië vu Beschäftegte gëtt, déi sécherlech méi wéi 40 an 48 a méi Stonne schaffen a se och alleguer bezuelt kréien. Ech mengen, fir déi ass dat keng grouss Änneerung. Ech mengen, dass se da vläicht Zouschléi ze bezuele kréie fir déi Stonnen, déi iwwer 40 ginn an esou virun. Ech mengen, dat akzeptéiere si och. An et gëtt och Kategorië vu Beschäftegten - an ech hunn et virdru scho gesot -, déi heiansdo haut scho 50 a 60 Stonne schaffen, just fir de Mindestloun ze kréien, also all déi Stonnen do net bezuelt kréien. Fir déi gëtt et héich Zäit, dass mer dofir suergen, dass se an den Droit commun erakommen an dass se hiert Recht do kréien. Ech mengen, dat ze kritiséieren ass wuel net akzeptabel.

Ech wëll zum Schluss am Numm vun eiser Fraktioun en Amendement déposéiere fir, mengen ech, dat wat Dir wësst erëm eng Kéier zréck an de Projet ze huelen, well mer der Meenung sinn, dass et wichteg a wesentlech ass kloer ze maachen, an deem wat hei Lex Horeca ass dofir ze suergen, dass dee Prinzip hei dra steet, genau wéi et bei deem vun 1970 ganz kloer dra steet, fir dass muer, wann e Riichter e Problem huet, hie genau weess, wat de Gesetzgeber wollt. Mir wëllen also nach eng Kéier deen Artikel 10 erëm eng Kéier dra setzen, dee seet: „L'application des dispositions de la présente loi aux contrats de travail en cours ne peut entraîner aucune baisse du salaire horaire mensuel ou annuel convenu."

***Amendement 1***

*Au projet de loi 4825B, il est inséré un article 10 nouveau qui prend la teneur suivante:*

*„L'application des dispositions de la présente loi aux contrats de travail en cours ne peut entraîner aucune baisse du salaire horaire, mensuel ou annuel convenu."*

*(s.) Lucien Lux, Mady Delvaux-Stehres, Mars Di Bartolomeo, Jeannot Krecké, Marc Zanussi.*

Sollt dësen Amendement ofgelehnt ginn, da wäert d'LSAP sech beim Votum vum Gesetz enthalen. Dat maache mer net oft, dat wësst Dir, an och net gär, mä mir mussen da feststellen, dass sécherlech d'Zilsetzung, fir endlech d'40-Stonne-Woch anzeféieren an endlech e Problem, dee säit 32 Joer unhängeg ass, ze léisen, fir eis e positiven Aspekt ass vun dësem Gesetz, mä dass mer bedaueren, an dofir eis Enthalung dann, dass net all Grondlage vum 70er Droit commun, ënner anerem dee lescht genanntenen, dann och hei gëllen. Ech mengen, dat bedauere mer an dat féiert dann zu eiser Abstentioun.

Ech soen nach eng Kéier an ofschléissend: Angesichts vum Realismus an dem Verantwortungsbewosstsäin, virun allem vun de Gewerkschaften an dëser Fro an deene leschte Méint, hätte mer eis déi aktuell Kriticke kënnen erspueren, wa mer dat do gemaach hätten an dann och e grousse Worf hätte kënne realiséieren.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert. Ah, den Här Marcel Glesener freet nach d'Wuert.

M. Marcel Glesener *(CSV).*- Här President, ech wollt dräi, véier Saache kuerz soen opgrond vun den Interventioune vum Här Lux, well e mech och als President vun der Kommissioun ugesprach huet.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Sot, Här Glesener, da frot d'Wuert zum Schluss.

M. Marcel Glesener *(CSV).*- Et ass egal. Ech wollt elo just… Ech si séier fäerdeg. Ech si séier.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Ech mengen et ass net üblech, dass een dem Riedner äntwert. Wann Der nach eppes ze soen hutt, Dir hutt jo nach Riedezäit zegutt, da kënnt Der herno nach eng Kéier d'Wuert ergräifen.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Kommt, d'CSV huet, gesinn ech hei, nach Riedezäit zegutt. Loosse mer d'Reiefolleg ofhalen, dann huelt Der herno Stellung derzou.

M. Marcel Glesener *(CSV).*- Kee Problem.

M. le Président.- Well wann Der ëmmer direkt hannendrop äntwert, komme mer net vum Fleck. Ech menge mir sollen eis un déi Reglementéierung, wéi mer dat bis elo gemaach hunn, halen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert. Déi aner sollen nolauschteren.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt dem Rapporteur Nico Loes merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport.

Ech hunn den Ausféierunge vun de Riedner vu virdru gutt nogelauschtert. Besonnesch hunn ech mat groussem Interessen den Aussoe vum sozialistesche Spriecher, dem Kolleeg Lucien Lux, nogelauschtert. Ech muss soen, ech sinn net enttäuscht iwwert dat wat hie gesot huet. Ech hat mer einfach och näischt anescht erwaart. Ech hat just net gemengt, dass en esou wäit an d'Vergaangenheet géif aushuelen. Ech weess, dass an dem leschte Mount vill Ficellë gezu gi sinn, fir dass dëst Gesetz haut net soll hei gestëmmt ginn, mä dat ass awer net gelongen. Dofir sinn ech houfreg, dass mer haut hei sti fir dëst Gesetz ze stëmmen. Sou einfach, wéi den Här Lux sech et mécht, ass et net.

Une voix.- Et si ganz aner Ficellë gezu ginn an deene leschte Wochen.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Wann een e Gesetzesprojet mécht, da kann dat net eesäiteg aus gewerkschaftlecher Siicht sinn, esou wéi dat hei gemaach gëtt. Et ass och net esou einfach, wéi zum Beispill de Vertrieder vum ADR et sech gemaach huet, deen einfach seet, d'Artikelen 2 bis 18 gi gestrach an dat Ganzt "est régi par le droit commun du travail". Ech hunn deem Kolleeg gesot, e kéim aus enger 5/6 Partei wou awer am Ableck 6/7 vun der Partei net senger Meenung sinn.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Wéini hutt Der dat da gesot?

***(Brouhaha général)***

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Lo grad. Ech hat lech et och scho beim Kaffi gesot, Här Jaerling.

***(Interruption)***

Dat heescht, mir hunn et schonn zweemol gesot, mä et war esou schéin, dofir hunn ech et nach eng Kéier widderholl.

De Projet de loi ass vill méi komplex. Ech gesinn zum Beispill an dësem Projet véier Point-de-vuen. Do ass fir d'alleréischt de Point de vue vum Aarbechter, de Point de vue vum Patron, de Point de vue vum Client, deen zu Lëtzebuerg seng Kuuscht verdéngt, an dann awer och de Point de vue vum Tourismus.

Déi zwee Gesetzesprojeten, déi mer haut stëmmen, droen derzou bäi, dass verschidde grouss Lächer, déi zur Zäit an eisem Aarbechtsrecht vum Secteur Horeca virherrschen, endlech gestoppt ginn. Ech ginn net op d'Artikele vum Gesetz alleguerten an, dat huet de Rapporteur Nico Loes brillant gemaach. Mä da kommen ech zu mengem éischte Point de vue.

Den éischte Point de vue, dat ass dee vun den Ugestallten an deem Secteur. En Haaptobjektiv ass, dass mir wëllen d'Aarbechtskonditiounen an deem Secteur verbesseren. Dës Konditioune sinn natierlech net iwwerall schlecht, mä et kann een awer generell feststellen, dass de Salarié an dësem Secteur wäit hannert eisem Aarbechtsrecht hannendran ass. 48 Stonnen amplaz vu 40 Stonnen. D'Aarbechtszäit gëtt e puer mol ënnerbrach. Et gëtt Samschdes, Sonndes, Feierdeeg geschafft. Et gëtt nuets geschafft. Et gëtt Saisonsbetrib an dann erëm vläicht keng Saison, keng Aarbecht. D'Qualifikatioun vun den Ugestallten ass net iwwerall déi bescht. Et gëtt keng Kollektivverträg an de Mindestloun ass ganz oft d'Regel, dat hu mer beim Salaire social minimum gesinn haut de Moien, wou d'Halschent vun de Leit, déi um Salaire social minimum leien, also vu 37.000 ongeféier d'Halschent am Beräich vun der Horeca an am Commerce schaffen.

Et feelen am Secteur 1.000 Aarbechtsplazen, an dovunner si 50 Léierplazen. A kenger anerer Branche gëtt och esou vill d'Personal gewiesselt. Vill Jonker hunn einfach keng Loscht méi dëse schwierege Beruff ze ergräifen a mir sinn op auslännesch Aarbechter ugewisen. Et ass schwiereg fir Personal ze hunn, déi gären hire Weekend fräi hunn, déi vläicht léiwer e Concert lauschtere ginn, Musek oder Basket, Fussball oder Volleyball spillen, awer da mussen ee Feierdag, ee Sonndeg bei de Patron goen, an dofir ass et ganz schwéier fir d'Leit dozou ze kréien, fir esou e Beruff ze ergräifen.

All déi Schwieregkeeten, déi mer hunn, si Folge vun der Décisioun vu virun 30 Joer, de Secteur aus dem Gesetz auszeklammeren, deem Gesetz wou deemools d'Aarbechtszäite geregelt goufen. Dofir ass et wichteg, datt hei légiféréiert gëtt. Ech félicitéieren den Aarbechtsminister fir säi Verhandlungsgeschéck. Hien huet e Kompromëss fonnt tëschent de Patronen, der Regierung an der Gewerkschaft. Wann dann hei an der Chamber dëse Kompromëss a Fro gestallt gëtt, da geschitt dat wat mer eben dës Kéier erlieft hunn a wou mer eis nach eng Kéier hu missen zesummesetzen, och wann dat der LSAP an hirem Spriecher net gefält. Mir als Demokratesch Partei hu kee Problem e Feeler riicht ze béie wann et muss sinn.

Ech wëll elo de Point de vue vum Patron analyséieren. E wichtege Punkt ass d'Spezifizitéit vum Secteur Horeca. Dëse Secteur kann net mat normalen, geregelten Auerzäite fonctionnéieren. Sou wär eist Erstaune grouss, wann d'Restauranten nëmmen nach vun 8 bis 12 a vun 2 bis 6 op hätten, an de Weekend wier zou, wier Schluss. Wat géife mer soen? Wéi sot meng Parteipresidentin: „Dat kann dach net sënn."

Et muss also fir de Patron, am Intérêt vu senge Clienten, Flexibilitéit an Disponibilitéit vu sengen Ugestallte bestoe bleiwen. Awer dat Ganzt zu bessere Konditiounen, wéi dat bis elo de Fall war. Och de Patron muss wëssen, datt besser Aarbechtskonditiounen de Beruff méi interessant maachen an hien, de Patron, iwwert dëse Wee méi an och e bessert Personal wäert kënne fannen. Mir wëssen, dass d'Konkurrenz am Secteur grouss ass. Dat erkläert och den immensen Drock op d'Patrone fir de bescht méigleche Service fir de niddregste Präis unzebidden. Natierlech profitéiert de Konsument dovun.

Här President, domadder sinn ech beim Point de vue vum Konsument ukomm, deen zu Lëtzebuerg seng Kuuscht verdéngt. Besser Aarbechtskonditiounen, manner Stonne schaffen, bréngt et mat sech - ech hunn et bei den Débaten zum Mindestloun schonns gesot, de Bifteck gëtt méi deier -: De Konsument, deen zu Lëtzebuerg schafft, muss sech dees bewosst sinn. Hie selwer huet jo gutt Aarbechtskonditiounen an e gudde Loun.

Mä, Här President, aus dem Bléckwénkel, aus dem Point de vue vum Tourismus gesäit dat Ganzt anescht aus. Den Tourist, dee bei eis kënnt, erféiert, wann e mat Lëtzebuerger Präisser konfrontéiert gëtt. Him ass dat egal, datt mir zu Lëtzebuerg gutt verdéngen an deier Präisser hunn. Hie vergläicht d'Präisser mat dem Elsass, dem Schwarzwald, an da stellt e fest, datt mer zu Lëtzebuerg méi deier sinn. Ganz oft ass de Choix da séier getraff. D'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus dem Diddelenger Eck wëssen et schonns laang, datt een zu Zouftgen fir manner Geld, fir manner deier och ganz gutt kann iessen, an d'Mamm vun Thionville ass ganz houfreg, dass hire Jong „neuf mille nouveaux francs" an engem Lëtzebuerger Restaurant verdéngt.

Dës zwou Remarquë weise ganz einfach op dat komplizéiert Ëmfeld hin an deem mer eis hei befannen. Den Tourismus huet et net einfach a mir hunn och net all Joer hei zu Lëtzebuerg en Tour de France oder en Tour d'Italie, deen d'Statistike vum Tourismus an d'Luucht hieft. Dir gesitt wéi schwéier dass et ass de richtegen Equiliber ze fannen.

40-Stonne-Woch ass richteg. Alles wat driwwer geschafft gëtt, muss als Iwwerstonne bezuelt ginn.

Den Nico Loes huet Beispiller ginn. Alles wat iwwer 40 Stonne geschafft gëtt, do si mir am Droit commun an do gi 25% bezuelt fir déi Iwwerstonnen, déi gemaach ginn.

Et ass wichteg, datt mir e méi favorabelt Ëmfeld an deem Secteur schafen. An eise Beméiungen dierfe mir awer net aus den Ae verléieren, datt de Secteur Horeca eng Spezifizitéit huet, déi mir net einfach kënnen aus der Welt schafen. Duerfir war et wichteg, och d'Patronat an d'Diskussiounen iwwert de Gesetzesprojet anzebannen a se och nach eng Kéier unzehéieren. Esou sinn dës zwee Gesetzesprojeten d'Resultat vun Diskussioune mat alle Sozialpartner a stellen e gudde Kompromëss duer.

Den éischten Deel vum Projet ass d'Ëmsetzung vun enger Convention internationale du travail an d'Lëtzebuergerer Gesetz. Dës Konventioun ass scho virun zéng Joer zu Genf ënnerschriwwe ginn a betrëfft d'Aarbechtskonditiounen an den Hotelen, de Restauranten an an ähnleche Betriber. Ech wëll hei net méi am Détail op déi verschidden Änneerungen agoen. Si betreffe virun allem d'Definitioun vun der Aarbechtszäit, d'Bezuele vun den Iwwerstonnen an d'Périodes de repos.

Ech wollt op eppes hiweisen, wat sech och kënnt géint den Arbeitnehmer auswierken. Dat ass déi eng Interruptioun, déi et nach däerf gi vu maximal dräi Stonnen. Eventuell kënnt iwwer e Règlement grand-ducal déi Zäit vun Interruptioun op véier Stonnen ausgedehnt ginn. Ech verstinn, firwat datt nëmme méi eng Interruptioun zréckbehale gouf, well soss kënnt et virkommen, datt moies vläicht ee misst eng Stonn de Kaffi zerwéieren, dann iwwer Mëtteg dräi Stonne misst Plats du jour zerwéieren an owes misst e beim Dîner während véier Stonnen derbäi sinn, dat heescht, deen Employé, dee wier vu moies fréi bis owes spéit fir de Patron am Asaz. Am Transport géif een dat Amplitude nennen. Ech mengen, datt dat schonn eng gutt Saach ass, datt mir gesot hunn, nëmme méi eng Interruptioun, datt dat e gudde Kompromëss ass, deen do zréckbehale ginn ass.

Ech muss awer soen, datt dat hei sech kënnt auswierken, datt zum Beispill moies et zu Emplois de proximité kënnt kommen, wou aner Leit, déi elo net am Aarbechtsprozess sinn, géife moies fréi de Kaffi zerwéieren, awer net eng fest Plaz während engem ganzen Dag während aacht Stonne bei engem Patron hätten. Wat ech méi schwéier gesinn, dat ass déi Ënnerbriechung vu maximum dräi Stonnen nomëttes, oder wéi et dann eben ass. Dräi Stonnen. Ech kënnt mir ganz einfach virstellen, datt e Garçon an engem Restaurant, deen um dräi Auer mat senger Aarbecht fäerdeg ass, deen huet dann näischt méi ze dinn, en huet dräi Stonnen Interruptioun, datt heescht, e misst owes um sechs Auer erëm ufänke mat schaffen. Da sinn awer nach keng Clienten do. Wéini kommen owes Clienten? Déi kommen net um sechs Auer. Déi kommen um aacht, um halwer néng an nach méi spéit. Also mengen ech, datt déi Zäit, déi mir festgeluegt hunn, déi eenzeg Interruptioun vun nëmmen dräi Stonnen, maximal véier iwwer Règlement grand-ducal, sech kënnt negativ fir den Arbeitnehmer auswierken. Ech mengen, datt mir wäerten an der Zukunft nach eng Kéier missen dorobber zréckkommen, wa mir mat der Problematik méi genau befaasst ginn.

Här President, duerch d'Ëmsetze vun dëser Konventioun maache mir d'Lëtzebuerger Gesetz conforme mam internationale Recht.

Den zweete Gesetzesprojet reglementéiert d'Aarbechtszäit vun den Aarbechter, de Léierbouwen, de Léiermeedercher an de Stagiären, déi am Secteur vun der Hôtellerie an der Restauratioun schaffen. Ech hunn et scho gesot, dës Kategorie vu Beschäftegte war bis elo vum Aarbechtsgesetz vun 1970 iwwert d'Aarbechtszäiten ausgeschloss. Deemools hat de Législateur schonns genau erkannt, wéi spezifesch de Secteur Horeca ass, an duerfir wollt hien net an deem Domaine intervenéieren an der Hoffnung, datt iwwert de Kollektivvertrag d'Aarbechtszäite géife reglementéiert ginn, wat awer bis haut net de Fall war.

Et sinn iwwer dräi Jorzéngte vergaangen, an et ass keng Konventioun an dem Domän fonnt ginn. Dat ass besonnesch bedauernswäert, well esou een Accord tëschent de Sozialpartner am Endeffekt besser hätt kënnen de Spezifizitéite vum Secteur Rechnung droen.

Här President, Dir Dammen an dir Hären, dräi Jorzéngte ware mir an engem Domän vun Non-droit wat d'Aarbechtszäiten am Secteur ugeet. Déi Situatioun ass ondrobar an de Législateur huet missen einfach hei intervenéieren, fir Aarbechtskonditioune vun enger gewësser Qualitéit ze garantéieren. De Projet bréngt eng Réglementatioun vun der Aarbechtszäit an dréit gläichzäiteg dem Secteur Rechnung. Ech ginn net méi op d'Referenzperioden an. Dat ass scho gemaach ginn. Ech wëll awer nach drop hiweisen, datt eng kloer Differenz gemaach gëtt tëschent klengen, mëttleren a grousse Betriber. Och hei kann diskutéiert gi wie kleng ass, wien e Mëttelbetrib huet a wien e grousse Betrib huet. Een, déi bei 51 Leit an eng gewësse Kategorie fält, wär vläicht léiwer an där fir 49. Et ass net einfach fir do Limiten ze zéien. Et muss een der awer zéien. Déi Limitë sinn och ge-

zu ginn. Et muss een einfach der Realitéit um Terrain Rechnung droen.

Eng vun de Konsequenze vun dëse prezise Regelungen, déi getraff gi sinn an déi am Gesetz stinn, dat ass och e gewëssene Formalismus, deen an d'Gesetz huet missen afléissen. Vill vun eis, an ech ganz bestëmmt, si kee Frënd vu Formalismus, mä hei wär et awer wichteg, e bësse Formalismus eranzebréngen, deen net allze vill Spillraum léisst fir divergent Interpretatiounen. Sou gouf e ganzen Artikel am Gesetzesprojet dem Errechne vun de verschiddene Limitë consacréiert.

Et ass hei probéiert ginn all déi verschidde Fäll, déi sech kënnen um Terrain erginn, ze berücksichtegen. Sou gëtt zum Beispill am Projet preziséiert wat geschitt, wann e Grupp an e puer Filialen am Secteur Horeca operéiert. Och gëtt dorops agaangen, wéi verschidde Seuile gerechent gi bei Aarbechter, déi nëmmen deelzäitlech oder bei zwee Patrone beschäftegt sinn. Den Nico Loes huet d'Beispill gi vum Patron A a vum Patron B, datt wann dee beim Patron B méi laang schafft, dee misst rembourséiert ginn un de Patron A. Ech si gespaant, ob dat an der Zukunft esou wäert funktionéieren. Do sinn ech e bësse mam Lucien Lux enger Meenung, datt dat wäert zu Jurisprudenzen an der Zukunft féieren.

Schlussendlech gesäit de Gesetzesprojet dann och nach vir, wéi et iwwregens och den Droit commun seet, dass d'Referenzperioden nëmmen da gülteg sinn, wann d'Betriber e sougenannte Plan d'organisation du travail opsetzen. Fir déi méi kleng Betriber net mat administrativen Aufgaben ze iwwerlaaschten, goufen déi Betriber, déi manner wéi 15 Leit beschäftegen, vun dëser Obligatioun ausgeklammert.

Et geet an dësem Projet net drëms mat engem décke Schlag de Secteur Horeca komplett ëmzekrempelen. Si hunn et schonn haut schwéier genuch. Esou ass d'Entrée en vigueur vun dem neie Gesetz erëm échelonnéiert a Funktioun vun der Gréisst vun de Betriber. Et schéngt logesch, datt e grousse Betrib sech méi séier kann ëmstellen an un deen neie legislative Kader adaptéieren, während déi méi kleng Betriber méi Zäit brauche fir sech un dat neit Regelwierk ze adaptéieren. Esou mussen d'Betriber iwwer 50 Leit déi nei Regelen, wéi gesot, schonn am Januar 2003 uwenden, während Betriber mat manner wéi 15 Beschäftegten nach bis Januar 2005 Zäit hu fir sech unzepassen.

Här President, mir stëmmen haut iwwer e relativ komplizéierte Gesetzestext of, deen awer wëllt eppes ganz Einfaches erreechen, nämlech d'Aarbechtskonditiounen am Secteur verbesseren, ouni dësen dach esou wichtegen ekonomesche Wirtschaftszweig kapott ze maachen. A mengen Ae gëtt dat Zil mat deem Text, deen eis virläit, erreecht.

Ech wëll nach eng Kéier dem Rapporteur merci soen. Ech wëll och dem President vun der Kommissioun, dem Marcel Glesener, merci soen, deen et net einfach hat mat senge bloe Stéifbridder, Bridder géing vläicht e bëssen ze wäit goen. An den Ae vun der Demokratescher Partei dréit dat Gesetz, dat mir elo stëmmen, entscheedend dozou bäi, datt d'Aarbechtssituatioun am Secteur verbessert gëtt, och fir d'Arbeitgeber déi op d'Laangweil besser a méi un d'Haiser gebonnent Personal wäerte fannen.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, sinn ech um Schluss a bréngen Iech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Här Rapporteur och merci soe fir säi Rapport, engersäits iwwert d'Konventioun vum OIT an anerersäits iwwert d'Horesca, dee jo awer ee vun deene kontestéiertste Projeten ass, dee mer säit laangem hei presentéiert kritt hunn.

D'Konventioun 172 ass eng Konventioun, déi de 25. am Broochmount - och deemools sinn et scho Méint op lëtzebuergesch ginn - gestëmmt ginn ass. Dat heescht, viru méi wéi 11 Joer. Esou laang brauche mer also hei am Land, an net nëmme bei dëser internationaler Aarbechtskonventioun, fir internationaalt Recht an nationaalt Recht ëmzesetzen. Wat alt erëm eng Kéier bestätegt, dass, wann et ëm d'Rechter vum Salariat geet, d'Lëtzebuerger Regierungen, egal wéi se zesummegesat sinn, sech gutt Zäit loosse fir international Konventioune vum Aarbechtsrecht ëmzesetzen. Wann een awer bedenkt, dass eis Sozialpartner iwwer 30 Joer gebraucht hunn ier se sech am Horesca-Beräich net eens gi sinn an dem Parlament elo d'Responsabilitéit zouschubsen, da sinn 10 Joer nach e räsonnabelen Délai.

Et ass dat eng Kritik, déi ech hei muss ubréngen, well Konventiounen oder Direktiven am Interesse vun der Ekonomie vill méi séier hei ëmgesat ginn.

Här President, wat ass eigentlech den Objektiv vun der Konventioun 172? Am Artikel 3(2) steet geschriwwen: "L'objectif général de cette politique doit être que les travailleurs interessés ne soient exclus du champ d'application, d'aucune norme minimale adoptée au niveau national pour le travailleur en général y compris celle relative à la sécurité sociale." Dat heescht am Kloertext, dass all Salarié Urecht op d'Mindestnorme vum generellen Aarbechtsrecht misst hunn. Mir bräichten also just am Aarbechtsgesetz vum 24. Mee 1989 d'Dérogatiounen, déi fir den Horesca-Beräich magouilléiert gi sinn, eraus ze huelen, da géife mer d'Dispositioune vun dëser Konventioun scho voll erfëllen. Well all déi aner Recommandatiounen, déi an der Konventioun stinn, gi vun eisem generellen Aarbechtsrecht voll erfëllt a sinn esouguer fir de Salarié méi wéi eng Kéier méi favorabel.

Här President, d'Objektiver vun dëser Konventioun sinn also kloer. D'Aart a Weis, wéi dës Regierung se wëllt op d'Käschte vum Salariat ëmsetzen, ass e Skandal. Ech wäert d'Konventioun stëmmen, well se am Sënn vun enger besserer Ofsécherung vum Salarié ass.

Elo zum Projet Horesca. Mir sinn hei konfrontéiert mat engem Projet, dee mir perséinlech - an ech betoune perséinlech -, esou wéi ech d'Aarbechtsrecht gesinn an och ëmmer interprétéiert hunn, einfach d'Hoer zu Bierg stoe léisst. Hei solle mer elo eppes légiférëieren, wat säit 30 Joer mautscht a wou d'Sozialpartner et net fäerdeg bruecht hunn eng Léisung ze fannen. Well den 9. vum Chrëschtmount 1970 ass schonn am Gesetzestext iwwert d'Aarbechtszäite vun den Aarbechter festgehale ginn, datt solle Kollektivverträg oder Reglementer d'Aarbechtszäiten am Horesca-Beräich regelen. Mä weder d'Sozialpartner nach eng Regierung hunn et bis haut fäerdeg bruecht d'Aarbechtszäiten an deem Secteur mënschewierdegen oder deenen allgemengen aarbechtsrechtleche Bedéngungen unzepassen. Elo soll dës Initiativ op de Législateur ofgeschubst ginn, well d'Sozialpartner net eens gi sinn, well engersäits d'Patrone sech geweigert hu fir Konzessiounen ze maachen an anerersäits d'Gewerkschaften net dat néidegt Duerchsetzungsverméigen hate fir de Salariéen hir Rechter ze erwierken, respektiv ze erkämpfen.

Wann also déi, deene vum Statsminister hei permanent Verantwortungsbewosstsënn bescheinegt gouf, net kapabel si fir ee Kompromëss ze fannen, an de Législateur soll d'Verantwortung droen, da gëtt et fir mech nëmmen eng Léisung: Dat generellt Aarbechtsrecht vum 24. Mee 1989 muss ouni Dérogatioun applizéiert ginn. Domadder kënnt een de Problem vun der Aarbechtszäitregelung am Horesca mat engem Article unique léisen. Och den Objektiv vun der Konvention 172 vum OIT verlaangt, dass all Salarié muss ënnert déi minimal Dispositioune vum generellen Aarbechtsrecht falen. An deem Sënn wëll ech och hei en Amendement areechen, wat ech schonn an der Kommissioun agereecht hunn, nämlech dass d'Aarbechtszäit am Horesca soll nom Droit commun de travail, awer ouni Derogatiounen, geregelt ginn.

***Amendement 2***

*Les articles 1 à 16 sont remplacés par l'article suivant:*

*Article unique.- Les relations de travail des ouvriers, apprentis et stagiaires occupés dans les entreprises hôtelières, les entreprises de restauration, les débits de boissons et les établissements similaires sont régies par le droit commun de travail.*

*(s.) Aly Jaerling.*

Här President, am Fong kënnt ech elo ophalen, mä ech wëll den Inhalt vum Gesetz trotzdeem analyséieren, well et kënnt jo sinn, dass mäin Amendement mat enger knapper Majoritéit verworf gëtt.

Eng éischt Remarque, déi ech wëll hei virbréngen, betrëfft d'Referenzperioden. Ech sinn am Prinzip géint Referenzperioden, well se dat initiaalt Aarbechtsrecht violéieren a well all Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit laangfristeg gesinn op d'Käschte vum Salariat geet. Well sech an der Kommissioun awer eng Majoritéit fir Referenzperioden ausgeschwat huet, misst een da versichen, de Schued esou kleng wéi méiglech ze halen.

De Gesetzestext huet ursprünglech verschidde Referenzperiode virgesi fir d'Betriber, ouni dass awer e Plan d'organisation de travail verlaangt gouf. Ech hu mech vehement dogéint gewiert an et sinn och doropshin e puer Ännerungen accordéiert ginn. Am definitiven Text sinn zwar nach ëmmer verschidde Referenzperiode virgesinn, awer gebonnen un e Plan d'organisation de travail, ausser bei deene Betriber, déi manner wéi 15 Leit beschäftegen, also all déi, an deenen et keng Personalvertriedung gëtt an doduerch d'Salariéë scho benodeelegt sinn. An deene Betriber, wou et eng Personaldelegatioun gëtt, ass eng méi oder wéineger Kontroll elo scho méiglech, an trotzdeem gëtt do bei enger Referenzperiod e Plan d'organisation de travail verlaangt. Dofir verstinn ech et net, dass grad do, wou keng Personalvertriedung ass, d'Diere fir Abüe wäit opgemaach ginn an d'Patronat kann Dérogatiounen zu Aarbechtszäiten no eegenem Gutdünke regelen.

Laut der EU-Direktiv 93/104 vum 23. am Haartmount 1993, esou huet d'Regierung se interpretéiert, dierf et anscheinend keng Referenzperiod iwwer sechs Méint eraus ginn. D'Direktiv gëtt den nationale Regierungen awer d'Méiglechkeet déi Referenzperiod bis zu engem Maximum vun zwielef Méint ze erlaben, wann d'Sozialpartner dat wëllen.

Am Projet steet och, dass d'Referenzperiod kann iwwert de Kollektivvertrag op maximum zwielef Méint festgesat ginn, awer ouni dass e Plan d'organisation de travail verlaangt gëtt. An d'Gesetz gouf emol laut Regierung nëmmen eng Referenzperiod vu maximal sechs Méint agesat. Déi, déi awer elo während 30 Joer näischt ronn bruecht hunn, kënnen awer dës Referenzperiod op zwielef Méint erhéijen.

Ech sinn der Meenung, dass een och déi Problematik vun de Referenzperioden an engem Artikel hätt kënne regelen, nämlech wann een an d'Gesetz schreiwe géif, dass all Betrib eng Referenzperiod bis zu maximum zwielef Méint kann ufroen, wann een dat un Hand vun engem Plan d'organisation de travail, no Ofsprooch mat sengem Personal oder mat senger Personaldelegatioun, ka begrënnen, esou wéi dat am PAN-Gesetz steet. Well d'PAN-Gesetz huet dat initiaalt Aarbechtsrecht scho mat Dérogatioune violéiert, an elo sollen dës Dérogatiounen nach eng Kéier zu Ongonschte vum Salariat dérogéiert ginn, an dat just fir déi Salariéen, déi och nach keng Personalvertriedung hunn.

Well ech festgestallt hunn, dass dës Regierung an d'Kommissioun net bereet sinn op Referenzperioden ze verzichten, soll dat am Amendement, dat ech elo hei deponéieren, net nëmme verhënneren dass déi Salariéen a Betriber mat ënner 15 Leit ouni Aarbechtsplang do stinn, mä et soll och all Betrib d'Méiglechkeet gi seng Aarbecht un Hand vun engem motivéierte Plan d'organisation de travail bis zu engem maximum vun zwielef Méint kënnen ze organiséieren. Dat wär fir mech déi gerechtste Léisung. D'Kontroll dovunner wier da vu vireraus méiglech, well eben en detailléierten Aarbechtsplang muss virleien. Da brauche mer net erëm eng Kéier 30 Joer ze waarden, bis d'Sozialpartner eng Léisung fannen.

Här President, ech wëll Iech domadder dann och deen Amendement hei iwwerreechen.

***Amendement 3***

*L'article 3 prend la teneur suivante:*

*Art. 3.- Le ministre ayant le travail dans ses atributions peut, à la demande d'une entreprise, autoriser une période de référence déterminée.*

*La demande de l'entreprise sera motivée et précisera notamment le personnel concerné. Elle sera accompagnée d'un plan d'organistion du travail (POT) qui couvrira l'ensemble de la période de référence demandée. Par dérogation à ce principe, l'entreprise pourra faire une autre proposition en ce qui concerne la périodicité du plan. Sur ce point, le ministre prend sa décision après consultation des organisations patronales concernées et des organisations syndicales représentées dans l'entreprise concernée.*

*(s.) Aly Jaerling.*

Här President, am definitiven Text vun dësem Projet ass och vermierkt, dass bei enger Deelzäitaarbecht déi vertraglech festgeluegten Zäit ëm 10% pro Dag, respektiv 15% pro Woch iwwerschratt ka ginn.

***(Interruption)***

Ech hu jo gesot, déi éischt Dérogatiounen, déi kommen. Den Droit commun ass fir mech d'Aarbechtsgesetz vum 24. Mee 1989. Dat anert sinn alleguerten Dérogatiounen, déi am Intérêt vun enger gewësser Lobby hei agefouert gi sinn. Hei gëllt et erëm eng Kéier eng Dérogatioun zum initialen Aarbechtsrecht festzeschreiwen. 15% vun enger wöchentlecher Aarbechtszäit vun zum Beispill 20 Stonne sinn dräi Stonnen, déi kënne weidergeschafft ginn, ouni dass dofir Iwwerstonne geschëllt sinn. Wa mer elo wësse wéi dat an der Praxis ausgesäit, dann ass et kloer, dass och hei de Wee fir Abüe wäit op ass.

Dofir kann ech och net mat esou Dérogatiounen, déi dem Salarié guer näischt an dem Betrib bréngen, d'accord sinn. Et muss am Zesummenhank mat engem Plan d'organisation de travail méiglech si fir d'Iwwerschreide vun der Deelzäitaarbecht ze verhënneren, a wann net, da mussen eben all Iwwerstonne mam gesetzleche Supplément bezuelt ginn. An deem Sënn wëll ech e weideren Amendement hei deponéieren, deen den Dépassement vun der Deelzäitaarbecht einfach verbitt.

***Amendement 4***

*Le paragraphe 3 de l'article 4 est supprimé.*

*(s.) Aly Jaerling.*

E weidere Sujet vun dësem Projet ass déi deeglech Rouzäit. Dem Salarié mussen innerhalb vu 24 Stonne mindestens eelef onënnerbrache Roustonnen zougestane ginn. Dat ass a Betriber, déi ënner normale Bedingunge schaffen, u sech kee Problem. Am Horecasecteur gëtt awer, besonnesch wat d'Kichepersonal an de Restauranten an an den Hotelen ubelaangt, ganz oft bis nuets eng Auer an driwwer geschafft, jee no der Clientèle, déi do ass. An et muss ee meeschtens och nach ëm zéng Auer mueres erëm ufänken, fir d'Préparatioune vu mëttes. Et bleiwen also ganz oft keng eelef Stonne Rou. An et ass och net méiglech esou eng Dispositioun ze kontrolléieren, ausser et féiert een Aarbechtszäitaueren an.

Dës Rouzäit ass eng begréissenswäert Initiativ, mä net praxisorientéiert an, wéi gesot, och net ze kontrolléieren. D'Dispositioun, fir datt dem Salarié mindestens eemol an der Woch eng onënnerbrache Rouzäit vu 44 Stonne muss zougestane ginn, ass scho méi realistesch. Ech géif éischter optéieren, fir déi Rouzäit ze erweideren, well dat méi realistesch ass an och besser ze kontrolléiere wier.

Des Weidere géif ech och d'Salariéen aus dem Horecasecteur déi 20 Joer, mat enger net ënnerbrachener Aarbechtszäit a mat net vill Récuperatiounsméiglechkeeten, vum Gesetz iwwert d'Préretraite solidairité profitéiere loossen. Dat géif dem Salarié eng Kompensatioun fir laangjähreg schwiereg Aarbechtsbedingunge ginn an dem Employeur et erméiglechen, zu gënschtege Bedéngunge jonk Leit anzestellen, déi um Aarbechtsmaart zur Verfügung stinn.

Ech hat dës Propositioun a Form vun engem Amendement an der Kommissioun deponéiert, mä de President vun der Kommissioun war éischter der Meenung, datt een dat bei enger Revisioun vum Préretraitesgesetz sollt maachen. Well dat awer nach laang kann daueren, wëll ech da mäi Virschlag hei a Form vun enger Proposition de loi deponéieren, fir jiddferengem, deen 20 Joer a gespléckten Aarbechtszäite schafft, Urecht op d'Préretraite solidarité ze ginn.

Dat betrëfft net nëmmen den Horecasecteur, mä och zum Beispill de private Bustransport, wou mat Amplitudë gefuer gëtt a wou d'Aarbechtszäit och nach e puer mol ënnerbrach gëtt.

## 5. Dépôt d'une proposition de loi

Här President, domadder dann hei den Dépôt vun där Proposition de loi.

*- Proposition de loi 5075 ayant pour objet de modifier la loi du 24 décembre 1990 sur la préretraite.*

## 6. 4825A - Projet de loi portant approbation de la Convention internationale du Travail N°172 concernant les conditions de travail dans les hôtels, restaurants et établissements similai-

res, adoptée par la Conférence internationale du travail à Genève, le 25 juin 1991

4825B - Projet de loi portant

1. réglementation de la durée de travail des ouvriers, apprentis et stagiaires occupés dans l'hôtellerie et la restauration;

2. modification a) de l'article 6 de la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant réglementation du louage de service des employés privés, b) de l'article 5bis de la loi modifiée du 9 décembre 1970 portant réduction et réglementation de la durée de travail des ouvriers occupés dans les secteurs public et privé de l'économie et c) de l'article 1er de la loi modifiée du 26 février 1993 concernant le travail volontaire à temps partiel (suite)

***Discussion générale (suite)***

Här President, wat elo d'Dispositiounen iwwert d'ökonomesch Betribsantitéite betrëfft, oder d'Opdeelung vu Betriber, am Zesummenhang mam Aarbechtsrecht, sou kann ech mech deem ralliéiere wat am Projet festgehalen ass.

Wat elo déi maximal deeglech net bezuelten Ënnerbriechung vun der Aarbechtszäit betrëfft, sou schéngt et mer richteg, datt dat nëmmen eemol den Dag däerf geschéien; och datt déi Ënnerbriechung keng dräi Stonnen däerf iwwerschreiden ass vertrietbar.

Da gesäit de Projet awer schonn erëm Dérogatioune vir. Engersäits kann, iwwer e Règlement grand-ducal, dës Ënnerbriechung fir Betriber wou et noutwendeg ass op véier Stonnen erhéicht ginn. Esou e Règlement grand-ducal misst éischtens awer emol hei virleien an zweetens déi Betriber opzielen, déi kënnen a Fro kommen, fir dass ech kéint domadder d'accord sinn.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Här Jaerling,ech wäert kee Règlement grand-ducal brénge, well ech elo net agesinn, dass dat néideg ass. Et ka sech awer an deem engen oder anere Secteur erausstellen, dass et néideg wär. Da wär et um Secteur selwer mir ze beweise woufir et do néideg wär, an da géif ech mat engem Règlement grand-ducal kommen. Mä ech kann lech berouegen, ech denken zur Zäit net drun esou een ze bréngen. Ech mengen nämlech, dass déi Coupure vun dräi Stonnen duergeet an dass mer net brauchen op véier Stonnen ze goen. Mä et muss een awer heiansdo an engem Gesetz Flexibilitéiten abauen, fir net d'Gesetz ze änneren, mat engem Règlement grand-ducal ze kommen. Mä nach eng Kéier, wann ech lech elo géif een dohinner leeën, da géif ech jo mat eppes kommen. Ech wëll awer zur Zäit net mat eppes kommen.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Ech hu jo och net behaapt, dass Dir dat géift maachen. Ech hu just gesot, dass et am Gesetz virgesinn ass.

Op jidde Fall kann ech souwisou net domat d'accord sinn, datt et ëmmer erëm méi Usus gëtt, dass Gesetzer un Hand vu grousshertzogleche Reglementer permanent kënnen dérogéiert ginn.

Da gesäit de Projet alt erëm vir, datt och d'Sozialpartner dës Ënnerbriechungszäit iwwert de Wee vu Kollektivverträg kënnen erhéijen. Ech froe mech, firwat datt mer hei Gesetzer maachen, wa mer de Sozialpartner ëmmer erëm d'Méiglechkeet gi se zu Ongonschte vum Salarié kënnen ze dérogéieren.

Déi Sozialpartner hunn eis hei am Parlament d'Responsabilitéit fir d'Aarbechtszäiten am Horecasecteur ze regelen zougespillt, da solle mer och hei eis Verantwortung iwwerhuelen an hinnen net erëm Hannerdieren opmaachen, fir dann dat, wat mir beschléissen, kënnen ze ëmgoen. Glécklecherweis dauert et bei deene mindestens zéng Joer ier se sech eens sinn, sou datt de Salarié, zumindest iwwert déi Period do, mol ofgeséchert bleift.

Här President, eng aner wichteg Dispositioun an dësem Gesetz ass d'Regelung vun der Nuetsaarbecht, déi vun 23 Auer nuets bis 6 Auer mueres festgeluegt gëtt. D'Aarbechtszäit, déi vun 1 Auer nuets bis 6 Auer mueres geleescht gëtt, soll mat 25% majoréiert ginn. Dat betrëfft awer ab 2003 nëmmen déi Betriber, déi iwwer 50 Leit beschäftegen. Also bal keen. An ab 2004 déi Betriber, déi 15 bis 49 Leit beschäftegen. Also e puer weider. An eréischt ab 2005 sollen déi Betriber betraff ginn, déi manner wéi 15 Leit beschäftegen. Also déi meescht. Wat alt erëm eng Kéier beweist, datt wann de Salariéen eppes soll zougestane ginn, da gëtt dat, sou laang wéi et geet, erausgeschubst.

Des Weidere gesäit de Projet vir, datt déi Majoratioun vu 25% ka rémunéréiert ginn oder a Fräizäit ëmgewandelt ginn. Ech kann net domat averstane sinn, dass dës Majoratioun a Fräizäit kann ëmgewandelt ginn, an ech hunn dat an der Kommissioun och erklärt. Well dat ass net ze kontrolléieren, well ebe just bei deene Betriber ënner 15 Leit, déi et betrëfft, keng Aarbechtsorganisatioun gefuerdert gëtt. Sou wéi ech och net kann domat d'accord sinn, dass dës Dispositioun a verschidde Perioden agefouert gëtt an net direkt ab 2003.

Här President, wat elo d'Rouzäiten an d'Bezuele vun deenen duerch d'Referenzperiod entstanene Rouzäiten ubelaangt, sou war dat eng schwéier Gebuert fir d'Kommissioun. An et huet scho vill Fangerspëtzegefill a méi wéi eng Ofstëmmung beduerft, bis endlech - an ech hoffen, dass dat richteg ass - dat dobäi erauskomm ass. Et ass schonn ee penibele Spektakel, wann esou laang muss ofgestëmmt ginn, bis dat zu Pabéier war, wat d'Majoritéit wollt.

Fir mech ass et wichteg, dass eng optimal Ofsécherung vun de Salariéen agefouert gëtt. Deem engersäits, fir seng Rouzäiten, en akzeptabele Revenu garantéiert gëtt, an anerersäits awer och dofir suergt, datt en déi Rouzäiten och zur Rou kënnt, an datt e se net benotzt, fir op eng aner Plaz schaffen ze goen. Dat ass dofir och wichteg. Och wann dat spéider vläicht eng Rei vu Problemer um juristesche Plang wäert schafen, datt hie sengem initiale Patron, wann hie während enger Rouzäit anzwousch anescht schafft, deen Deel vum Salaire erëmbezilt, deen hien do verdéngt.

D'Festleeë vun der Rémunératioun vun de Rouperiode war déi wichtegst Dispositioun, déi an dësem Gesetz verankert war. Et ass dofir skandaléis, dass just dës Dispositioun vun der Regierung erëm erausmanövréiert ginn ass, och wann als Argument geholl gëtt, den Artikel 37 vum Aarbechtsgesetz géif déiselwecht Ofsécherung garantéieren; d'Kommissioun wollt just déi spezial Lounofesécherung vun de Salariéen nach eemol prezis festschreiwen. Den Accord vun der Oppositioun an der Majoritéit war do ginn. Bon, dee spéidere Maulkuerf, deen de Majoritéitsvertrieder vun der Regierung mam Interesse vun enger Lobby opgesat gouf, huet dëst awer verhënnert.

Une voix.- …Dat ass net wouer.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President…

***(Interruption)***

Här President, den Här Koepp huet hei, nom Artikel 50 vun eiser Verfassung, grad esou vill Rechter wéi jiddfereen heibannen dat ze soen, wat hie fir richteg hält. An dat wäert ech och elo maachen.

***(Interruptions)***

Jo, dat hunn ech hei schonn déi eng oder déi aner Kéier festgestallt.

Här President, wat ech awer net kann ënnerstëtzen, dat ass, datt an dësem Gesetz kee Wuert verluer gëtt iwwert d'Regelung vun der Sonndes- a Feierdagsaarbecht. Am initialen Aarbechtsrecht vum 24. Mee 1989 ass festgehalen, datt ee fir d'Sonndesaarbecht 70% a fir d'Feierdagsaarbecht 100% Zouschoss zegutt huet.

Fir dës Dispositioun ass am Aarbechtsrecht fir d'Horesca eng Dérogatioun agefouert ginn, an zwar dass si keng Zouschëss a Form vu Rénumératioun geschëllt, mä d'Sonndes- an d'Feierdagaarbecht mat zousätzlechem Congé soll vergënnt ginn, an zwar, zwee Deeg fir zéng geschaffte Feierdeeg, a pro 20 geschaffte Sonndeger nach eemol zwee Deeg.

Dës Dispositioun ass erëm eng Diskriminéierung vun de Salariéen aus dem Horecasecteur a bréngt mat sech, datt déi Leit ënnert dem Mindestloun bezuelt ginn. Ech erkläere mech. De Mindestloun setzt sech net nëmmen zesummen aus deem Montant, dee mir hei festhalen, mä och aus deene Supplémenten, déi am Aarbechtsrecht virgesi sinn.

Huele mer e Salarié mam Mindestloun aus engem Produktiounsbetrib, deen 20 Sonndeger schafft, dee verdéngt an där Period fënnef mol 1.368,74 Euro plus d'Majoratioune vun 20 mol aacht Stonne Sonndesaarbecht, also 20 mol 44,30 Euro. Dat mécht brutto 6.843,7 Euro plus 886 Euro, also 7.729 Euro. Wa mer elo e Salarié aus dem Horecasecteur huelen, deen am Mindestloun schafft, an dat si jo déi meescht, oder d'Halschent vun de Mindestlounbezéier hei am Land, sou kritt deen och 6.843,7 Euro brutto, mä anstatt d'Supplémenten nëmmen zwee Deeg Congé bezuelt, also zwee mol 63,29 Euro, wat en Total mécht vu 6.970,7 Euro fir déi 20 Wochen. Dat ass en Ënnerscheed vu ronn 759 Euro fir déiselwecht geleeschten Aarbecht.

Fest steet also, dass déi meeschte Salariéen aus dem Horecasecteur ënnert dem effektiv geschëllte Mindestloun rémunéréiert ginn. Dat verstéisst fir mech ganz kloer géint d'Dispositioune vum initialen Aarbechtsrecht. Et ass kloer, dass een dat net kann ënnerstëtzen. Et ass wierklech bedauerlech, dass d'Regierung ze feig war dëse Mëssstand konsequent aus der Welt ze schafen.

Wéi ech an der Kommissioun meng Bedenken an Doléancen zu dësem Thema, awer och zu enger Rei anerer, virgedroen hunn, hu souwuel den Aarbechtsminister wéi de President vun der Kommissioun gesot: Am Häerz géife si mat mir fillen, mä leider hätte si misse Kompromësser schléissen, soss wier guer näischt zustane komm. Wann et drëm geet, fir de Salariéen eppes ewech ze huelen, da sidd Der jo och net esou zimperlech!

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här Jaerling, et ass drëm gaang fir d'70er Gesetz ze erfëllen. D'70er Gesetz schwätzt iwwert d'Aarbechtszäiten a soss näischt. Nom 70er Gesetz hätte mer dat kënnen iwwer Règlement grand-ducal maachen. Mir waren awer wéinst enger ganzer Partie vun Ursaachen der Meenung, dass hei de Législateur huet missen agebonne ginn, mä d'Missioun déi mer haten an d'Missioun déi ech mer selwer fixéiert hu war à ce stade d'Aarbechtszäiten ze regelen an net de Rescht. Mir kënne roueg iwwert de Rescht nach eng Kéier diskutéieren, mä ech loosse mer hei net Feigheet virwerfen.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Ech hunn net gesot, dass Der feig wäert. Dir hutt gesot, am Häerz wäert Dir bei mir.

Une voix.- Neen, Dir hat virdru gesot, d'Regierung...

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Wou konnt dat mir esou erausrutschen?

***(Hilarité)***

Mä, op jidde Fall, Här Aarbechtsminister an Här President vun der Kommissioun, vläicht sollt Dir lech enger klenger Transplantatioun ënnerzéien an Äert Häerz 30 Zentimeter méi héich verleeë loossen, do, wou elo dee vun der Ekonomie gesteierte Recheschieber sëtzt. Op jidde Fall ginn ech lech elo hei d'Méiglechkeet, fir Äert Häerz vis-à-vis vun de Salariéen aus dem Horesca-Secteur opzemaachen, an zwar andeem ech hei en Amendement deponéieren, deen déiselwecht Lounbedéngunge fir Sonndes- a Feierdagsaarbecht fir jiddferee soll afëieren.

***Amendement 5***

*Est ajouté l'article 16 suivant:*

*Art. 16.- Le point 1 du paragraphe (1) de l'article 6 de la loi du 1er août 1988 concernant le repos hebdomadaire des employés et ouvriers est supprimé.*

*Le paragraphe 2 de l'article 1 de la loi du 10 avril 1976 portant réforme de la réglementation des jours fériés légaux ainsi que le règlement grand-ducal du 8 octobre 1976 concernant la rémunération du travail des jours fériés légaux dans les entreprises à caractère saisonnier sont abrogés.*

*(s.) Aly Jaerling.*

Här President, zum Ofschloss kommen ech awer net derlaanscht fir iwwert déi lächerlech Dispositiounen ze schwätzen am Zesummenhang mam A-Kraaft-Triede vun dësem Gesetz.

An dräi Periode soll dëst Gesetz a Kraaft trieden, nämlech 2003, 2004 an 2005. A wéi soll et och anescht sinn? Just fir déi, déi am néidegsten eng Ofsécherung bräichten, nämlech déi Salariéen an de Betriber ënner 15 Leit, trëtt dëst Gesetz eréischt 2005 a Kraaft. Fir déi, wou et am mannste kascht, trëtt et schonn uganks 2003 a Kraaft a fir déi mëttel Betriber 2004. Dat heescht, dës Regierung léisst et nach ee respektiv zwee Joer zou, datt de Gros vun de Salariéen am Horesca-Secteur weiderhin diskriminéiert gëtt.

Zumindest hei hätt missen deen néidege Courage opbruecht gi fir e bësse Gerechtegkeet ze schafen. An deem Sënn wëll ech e weideren Amendement hei deponéieren, fir dass dat Gesetz integral soll 2003 a Kraaft trieden.

***Amendement 6***

*L'article 16 devient l'article 17 et prend la teneur suivante:*

*Article 17.- Les dispositions de la présente loi entrent en vigueur le 1er janvier 2003.*

*(s.) Aly Jaerling.*

Här President, dëse Projet ass fir mech kee gudde Projet, och wann en eng Rei vu Verbesserunge mat sech bréngt, awer déi ginn och nach an Tranchen agefouert.

Iwwert dëse Projet ass vill diskutéiert ginn. Et ass vill Tënt gefloss an et ass vu verschidde Säite versicht ginn déi puer gutt Usätz, déi dra stinn, mat lächerlechen Argumenter ze verhënneren. En Argument wat ech als besonnesch lächerlech emfannen ass dat, wa gesot gëtt: E Salarié, deen an dëse Secteur schaffe geet, kennt jo d'Konditioune vun der Stee a soll sech gefällegst upassen. Ma da muss datselwecht och gëlle fir den Employeur, dee sech an dësem Secteur nidderléisst. Och dee weess, datt et en Aarbechtsrecht gëtt. Och dee soll sech da gefällegst un dat Aarbechtsrecht upassen. Et ass nach kee Betrib duerch d'Aarbechtsrecht Faillite gaang, well dofir ass et verschidde Lobbyen ze vill ugepasst.

Och dat Argument, datt am Horesca-Secteur nëmme Frontalieren oder Auslänner schaffen, wat vu verschidde geeschteg Zréckgebliwwenen ervirbruecht gëtt, fir manner schlecht Aarbechtskonditiounen ze rechtfertegen, ass einfach idiotesch.

***(Brouhaha général)***

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Kënnt Dir eis da vläicht nenne wien déi Leit sinn, well an der Kommissioun hunn ech ni esou Argumenter héieren.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- No comment. Am Horesca-Secteur schaffen 10.868 Salariéen. Dovu sinn 1.146 Lëtzebuerger a 5.866 Net-Lëtzebuerger, déi hei am Land wunnen, also 55%. Nëmme 34% vun de Salariéen aus deem Secteur si Frontalieren. Dat heescht also, wann déi xenophobesch Paillassen, déi esou eppes verbreeden, et normal fannen, datt am Horesca-Secteur mannerwäerteg Aarbechtskonditiounen duerfen agefouert ginn, da musse se sech bewosst sinn, datt se och iwwer 1.000 Lëtzebuerger hei am Land…

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här Jaerling, wann Dir fäerdeg sidd, da kënnt den Här Koepp net méi drun.

M. le Président.- Jo, Här Jaerling, Dir hutt Är Zäit iwwerschratt.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Neen.

M. le Président.- Abee, Dir hutt se nach net iwwerschratt, mä et geet op dem Här Koepp seng Käschten. Den Här Koepp kritt déi Zäit manner.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Ech sinn an zwou Minutten.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wann den Här Jaerling nach zwou Minutte schwätzt, da geet et fir den Här Koepp nach duer.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Ech si gutt am Timing.

***(Interruption)***

Et gëtt kee valabelt Argument fir am Horesca-Secteur diskriminatoresch Aarbechtszäiten a Lounbedéngunge bestoen ze loossen. Mir hunn an dësem Land ëm déi 270.000 Salariéë schaffen a mussen et fäerdeg brénge jiddferengem vun hinne mënschewierdeg Aarbechtskonditiounen ze erméiglechen. Mir hunn all Efforte gemaach, déi méiglech waren, fir dass d'Betriber iwwerliewe kënnen. Dat ass meeschtens op Käschte vum Salariat gaang.

Et muss domadder ee fir allemol Schluss sinn. D'Betriber dierfen net méi op Käschte vum Salariat sanéiert ginn. Dofir kann ech mat dësem Projet, esou wéi en hei virläit, net averstane sinn. Ech kënnt mech enthalen, well am Projet déi eng oder déi aner Dispositioun dran ass, déi favorabel ass fir de Salarié. Dëse Projet gëtt awer dem Objektiv vun der Konventioun 172 vum OIT net gerecht. Ech wëll mat mengem Neen zu dësem Projet kloer zum Ausdrock bréngen, datt, esou laang wéi ech hei am Parlament wäert sinn, fir mech de Res-

pekt an den Ausbau vum initialen Aarbechtsrecht eng absolut Prioritéit wäert hunn. Dat alle Widregkeeten zum Trotz.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Den Här Jaerling gehéiert zum ultra-lénke Fligel...

***(Interruptions diverses et hilarité)***

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dee Projet de loi, dee mer de Mëtteg hei diskutéieren an iwwert dee mer wäerten ofstëmmen, tranchéiert eigentlech an engem Secteur, wou mer e Sozialkonflikt haten iwwer Jorzéngten, iwwer 30 Joer. Et ass de Mëtteg hei schonn e puer mol widderholl ginn.

Datt et grad an deem dote Secteur iwwer 30 Joer gedauert huet bis mer minimal Regelen iwwerhaapt geschaf hunn, fir minimal - human kann ee jo net soen - Konditiounen ze schafe fir déi Leit, déi do schaffen, ass eigentlech keen Zoufall. Dat ass, menger Meenung no, ganz kloer d'Resultat dovun, dass mer et hei ze dinn hu mat engem Secteur, wou zu bal 100% Leit schaffen, déi politesch rechtlos sinn an dësem Land. Et ass ganz kloer: Am Horescasecteur schaffen zu iwwer 90% Leit, déi net déi Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, donc kee Wahlrecht hunn. Si hunn natierlech duerfir ganz vill Schwieregkeete wann et drëms geet sech politesch bei de Parteien, déi och national eng Verantwortung hunn, Gehéier ze verschafe fir besser Konditiounen ze kréien.

Et ass eigentlech, fir meng Begréffer, e Virreidersecteur vun deem, wat sech, menger Meenung no, weider wäert entwéckelen och an anere Secteuren hei am Land, wa mer esou weiderfuere wéi elo an net an d'Richtung gi fir ze kucken, datt déi Leit do hei zu Lëtzebuerg politesch Rechter kréien. Da wäert et weider ëmmer méi aner Secteure ginn, wou mer ähnlech Situatioune kréie wéi an deem heite Secteur. Dat heescht, wou mer haut Loun- an Aarbechtskonditiounen hunn - et muss een et eemol esou soen, wéi et ass -, déi schlecht a miserabel sinn. Et muss een nach dobäi soen, datt niewent dem Fait, datt et vill oder bal ausschliesslech auslännesch Bevölkerung ass, déi politesch rechtlos ass, déi hei schafft an esou schlecht behandelt gëtt, och nach zu engem gudden Deel Frae sinn, wat och net dozou bäidréit fir eisen Image ze verbesseren. Mer wësse jo, datt mer op deem dote Gebitt, genau an der Aarbechtswelt, nach vill Retard hunn op aner Länner an der Europäescher Unioun.

Datt et vun 1970 un net méiglech war, wéi den Här Glesener dat gesot huet, hei iwwert d'Tarifautonomie zu bessere Konditiounen ze kommen, dat ass och einfach ze erklären. Dat ass, well mer hei mat engem Secteur ze dinn hunn, wou de gewerkschaftlechen Organisatiounsgrad extrem schwaach ass. Et ass ganz schwéier do méi en héije gewerkschaftlechen Organisatiounsgrad ze kréien, aus villfältegen Ursaachen.

Eng Ursaach dovunner ass sécherlech, well dat vill kleng Entitéite si mat deene mer hei ze dinn hunn, wou wéineg Leit beienee schaffen a wou et da ganz schwiereg fir d'Gewerkschaften ass en Accès an esou Betriber ze kréien, fir déi gewerkschaftlech ze organiséieren. Et ass awer och natierlech esou, datt mer duerch dee schlechten Organisatiounsgrad, dee mer hunn an deem Secteur, deelweis mat engem Patronat ze dinn hunn, dat zimlech haart war an haart och bliwwen ass iwwert déi ganz Jorzéngten an net bereet war ee Millimeter ze bougéiere fir dee Konflikt do iwwert den tarifleche Wee ze léisen.

Ech behaapten awer ganz steif a fest, datt wann an iergendengem anere Secteur, deen net esou mat politesch rechtlose Leit besat wär wéi deen heiten, dat heite passéiert wär, dann hätte mer längstens en Droit commun, dee menger Meenung no souguer vill méi wäit goe géing wéi dat wat mer haut hei ofstëmmen.

Well wann et esou wär, datt effektiv dat dote gréisstendeels Leit wären, déi och all fënnef Joer, wa se un d'Wahlurn géinge goen, mat hiren Ziedele kéinten deementspriechend e bësselchen nohëllefe fir méi Rechter a besser Konditiounen ze kréien, da sinn ech sécher, datt och eng CSV, déi den Aarbechtsminister mat enger Ënnerbriechung vu fënnef Joer an deene leschten 30 Joer kontinuéierlech gestallt huet, sech éischter beweegt hätt fir hei iergendeppes ze maache fir déi Leit.

An da muss ech och soen, wann ee kuckt iwwer wat mer hei diskutéieren an dësem Gesetz, dann handelt et sech hei jo nëmmen ëm minimal Regelen. An da kann een och bal net verstoe mat wat fir enger Entrüstung plazeweis iwwert déi Minimalregelen do diskutéiert gëtt. Et ass jo net esou, datt déi Leit, déi an deem do Secteur elo schaffen, duerch dat, wat hei gestëmmt gëtt, vu muer un op Rouse gebett wären, wann ee weess, datt eigentlech trotzdeem d'Règles de base vum Droit commun en matière de durée de travail journalière et hebdomadaire mat enger Onmass Dérogatiounen an dësem Gesetz nach ëmmer duerchlächert sinn. Dérogatiounen, déi zum Beispill antreffe wann am Summer, Ouschteren, Péngschte muss geschafft ginn - ech kommen nach dorobber zréck -, wou dann natierlech ganz kloer Dérogatiounen ageschalt ginn, déi wäit iwwert dat eraus gi wat den Droit commun virgesäit.

Als Beispill wëll ech nëmmen eraushuelen, fir dat awer emol eng Kéier hei ze zitéieren, dat ass bis elo net gemaach ginn, ech mengen och et pour cause, datt am Artikel 4 vum Gesetz virgesinn ass, datt an Entreprisen, déi manner wéi 15 Salariéen hunn, d'Durée de travail maximale journalière et hebdomadaire kann eropgoen, bei dem deeglechen op 12 Stonnen a bei där wöchentlecher op 52 Stonnen, fir d'Méint Juni a September, beim deeglechen op 12 respektiv bei där wöchentlecher op 54 Stonne bei de Méint Juli an August, respektiv tëschent de Chrëschtfeierdeeg a bis no Sylvester. Nach méi krass ass et bei Betriber, déi iwwer 15 Salariéen, dat heescht tëschent 15 an 49 Salariéën leien, do geet et nach méi wäit, do ginn d'Dérogatiounen och nach ausgedehnt op Ouschteren, op Päischten, an da muss ee jo wëssen, wann een dat emol zesummenzielt, déi Méint, déi ech do opgezielt hunn, plus all déi Ausnahme ronderëm déi eenzel Feierdeeg, wou ech nach derbäi gesot hunn, a wann een dann och nach weess, datt och nach d'Fêtes locales an d'Foires locales kënnen derbäi kommen, da gesäit ee wéi oft datt déi Leit, déi an deem dote Secteur schaffen, wäit iwwert d'Mooss eraus mussen dru gleewe par rapport zu allen anere Secteuren. Duerfir hätt een zumindest, menger Meenung no - an dat ass och, géif ech soen, bei deem heite Gesetzesprojet, dee mer virleien hunn - missen derfir suergen, datt um Gebitt vun der Entlounung vun deene Leit eppes méi geschitt wéi dat wat hei proposéiert gëtt an dësem Gesetz.

Et ass och net esou, datt mer - an dat ass och weder an der Kommissioun nach heibanne behaapt ginn - sollen an d'Richtung goen, datt mer hei esou starr Regele sollen aféieren, datt an deem dote Secteur nach just 8 bis 12 an 2 bis 6 geschafft gëtt. Dat ass alles lächerlech fir esou eppes iwwerhaapt hei ze ernimmen, dat huet kee Mënsch gesot. Mä et ass awer e Fait wann ee verlaangt, datt seng Mataarbechter ënner esou Konditioune musse schaffen, da muss een zumindest bereet sinn eng aner Entlounung ze maachen, virun allem och fir déi Stonne wat Iwwerstonne sinn oder déi an de Beräich fale vun deem totalen Irregulären. D'Beispiller sinn do den Nuetsdéngscht, mä awer och d'Feierdeeg an d'Samsdecher an d'Sonndecher.

Mir wësse jo wéi datt do bezuelt gëtt an anere Secteuren an anere Beräicher am Privatsecteur, a wann ech da gesinn, datt am Gesetz hei och nach drasteet, datt déi 25%eg Zoulag méi am Loun fir Nuetsdéngscht eréischt usetzt no eng Auer nuets, tëschent eng a sechs Auer moies, da muss ech mer awer d'Fro stelle schlussendlech, wéi vill Leit nach iwwerhaapt déi 25% Zoulag do, wat jo nëmmen e Minimum ass fir dat wat déi Leit do mussen nuets schaffen,…

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Gëtt et iergendee Gesetz, Här Bausch, wou obligatoresch Nuetszouschléi dra virgesi sinn, ofgesi vum Kollektivvertrag?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Et gëtt kee Gesetz, Här Biltgen, dat ass richteg, mä mir wësse jo awer ganz genau, datt et hei kee Kollektivvertrag gëtt.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Mä dofir maache mir dat. Et ass fir d'éischte Kéier, dass iwwerhaapt an engem Secteur Nuetszouschléi obligatoresch vum Gesetzgeber gemaach ginn. Dat gëtt et a villen anere Branchen net.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dat ass richteg, mä ech hu virdrun awer d'Schwieregkeeten erkläert, firwat datt et wahrscheinlech och ni wäert an deem dote Secteur zu engem Kollektivvertrag zu Lëtzebuerg kommen, an dofir sinn ech och der Meenung, datt och an deenen nächste Joren…

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Wann ech kucken, wéi vill Leit mueres bei den Discoen hänken, sinn ech mol frou wann all déi Leit - dat hutt Der jo hei an der Chamber gestëmmt, fir dass d'Discoë kënne laang op sinn -, déi do mussen an den Discoen zerwéieren, déi Nuetszouschléi kréien.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Selbstverständlech ass et besser déi kréien eppes, wéi datt se näischt kréien. Do sinn ech mat Iech eens, mä dat ass awer nach nëmmen eng Minoritéit, wëll ech Iech soen. De Gros vun deenen, déi heivu betraff sinn, dat sinn awer déi, déi bis eng Auer schaffen, an net déi, déi no eng Auer nach mussen dru gleewen.

Da muss ech awer soen, datt ech dat awer relativ wéineg fannen angesichts der Belaaschtung an den Nodeeler, déi déi Leit jo awer schlussendlech hunn am familiären an am soziale Liewen an esou weider, an eigentlech dee Bréif, dee mer alleguerten haut kritt hu vun enger Personaldelegéierter vun enger Gewerkschaft, dee bréngt dat och gutt op de Punkt. Ech wëll dat awer nach eng Kéier zitéieren, och wann de Bréif e bëssen emotional verfaasst ass a sécherlech insgesamt ze vill och nuancéiert ass, mä dee Saz hei, wann en do steet: „Venez travailler avec nous, venez sur le terrain les samedis, dimanches, jours fériés et les soirées, nous, nous travaillons. Pas de vie familliale, pas de vie sociale, on travaille quand les autres s'amusent, et tous ces sacrifices pour le salaire social minimum."

Dat ass awer sécherlech zoutreffend. Et ass genau dat, ëm dat et geet. Ech mengen, datt duerfir de spréngende Punkt bei deem Secteur do net deen ass vun der Flexibilitéit an der Bereetschaft vun der Flexibilitéit fir d'Leit wéi se schaffen, mä vun der Entlounung déi dofir garantéiert gëtt, fir déi Aart a Weis wéi déi Leit do misste schaffen.

A wann ech dann och héieren den Här Glesener soen, och als Äntwert e bësselchen op den Amendement vun der LSAP haut, datt dat wat hei geschitt de Geescht vun de Verhandlungen erëm géif ginn déi gefouert gi wären tëschent dem Aarbechtsminister an de Sozialpartner an datt een dat misst respektéieren, a wann een dat net gemaach hätt, dann hätte mer haut näischt, da muss ech soen, dat ass net wouer. De Législateur ass souverän fir Gesetzer ze maache wéi e se wëllt an ech muss och drun erënneren, datt dee fréieren Aarbechtsminister - dee jo zwar, an den Här Lux huet et hei zu Recht nach e puer mol rappeléiert, eelef Joer hei oft op der Chamberstribün markant Spréch vum Stapel gelooss huet, awer rose wéineg gemaach huet - och oft…

***(Interruption)***

…ganz markant Spréch an déi do Richtung gemaach huet, wou e gesot huet: „A wann näischt geschitt, dann ass et mir egal, da wäert ech meng Responsabilitéit huelen an einfach iwwert d'Käpp ewech légiféréieren."

Une voix.- Dat huet dem Här Juncker seng Regierung elo gemaach.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Neen, den Här Juncker huet déi Zäit, wéi hien Aarbechtsminister war, deen Dossier net ugepaakt. Här Biltgen, Dir hutt en - dat éiert Iech - ugepaakt an Dir hutt nach e Versuch gestart, och op der Verhandlungsebene tëschent de Sozialpartner. Ech mengen dat éiert Iech an et ass och gutt, datt eppes zustane komm ass, mä et ass awer ee Fait, datt eelef Joer virdrun hei oft op der Tribün - an ech wëll se net méi all rappeléieren, ech hunn och eng Kéier eng Question parlementaire gestallt, wou ech och där markanter Spréch nach kritt hunn, dat ass awer ee Fait. Ech wëllt dat just soen als Äntwert op dem Här Glesener seng Remarque hei.

***(Interruption)***

Wat gelift, Här Weiler?

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Et wier dach d'Méiglechkeet gewiescht fir eng Proposition de loi. Dir maacht der jo a ville Beräicher. Dir hätt jo och emol kënnen eng Initiativ hei huelen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här Weiler, ech kann Iech just nëmmen eent soen, déi Proposition-de-loien, déi mer maachen, reduzéiere mer op een absolute Minimum. A firwat, dat wäert Dir jo sécher wëssen, well se meeschtens de Pabeier fir Iech net wäert sinn op dee mer se schreiwen.

Ee bescht Beispill hunn ech nach gëschter geliwwert kritt, op enger Motioun déi ech gemaach hunn, wou ech och verlaangt hunn, datt eng Proposition de loi vu mir sollt ëmgesat ginn. Duerfir, Dir verstitt jo, datt d'Oppositioun net dee gewaltegen Apparat zur Verfügung huet wéi d'Majoritéit, fir sech Proposition-de-loië schreiwen ze loossen an de Ministèren, an duerfir limitéiere mir dat op ee Minimum.

Et wär hei menger Meenung no ganz kloer un deene gewiescht, déi zënter 30 Joer d'Responsabilitéit hunn an deem Ministère, fir déi Aarbecht ze maachen, an net un der Oppositioun. Ech halen et do éischter mat deem wat e bekannte Politiker, deen e gudde Frënd ass vun Iech, an och vun Däitschland, dee seet, do zwar menger Meenung no méi zu Onrecht: „D'Oppositioun ass net duerfir do fir d'Fantasielosegkeet vun der Majoritéit ze kompenséieren."

Ech mengen de Fait, datt d'CSV awer 30 Joer dee Ministère, mat enger Ënnerbriechung vu fënnef Joer, hat, ass wierklech kee Glanzstéck an der Geschicht vun der Sozialpolitik zu Lëtzebuerg. Ech muss och soen, datt et beileiwe mir net drëms geet, fir hei ze generaliséieren an ze soen, datt alleguer déi Betriber aus deem dote Secteur Ausbeuter wären, hir Leit géinge schlecht behandelen, schlecht Konditioune géinge bidden. Loin de là. Ech weess ganz genau, et gëtt vill Betriber zu Lëtzebuerg, virun allem och Familljebetriber, déi laang zu Lëtzebuerg installéiert sinn, déi hir Leit uerdentlech behandelen an uerdentlech bezuelen. Et ass sécherlech do ze differenzéieren, dat ass ganz kloer, mä et ass awer ee Fait, datt et awer och un deene gewiescht wär fir, menger Meenung no, mat ze hëllefen, fir datt mer hei zënter deene leschten 30 Joer aner Konditioune kritt hätten, virun allem och wat d'Bezuelung ubelaangt.

Ech muss och soen, ech kann och net déi Argumentatioun deelen, déi hei gefouert ginn ass vun eenzelne Leit, wou dann op d'Konkurrenz am Ausland verwise ginn ass. Also ech muss Iech éierlech soen, ech weess net wou déi meescht, wa se dann am Ausland sinn, iesse ginn oder wou se ee Patt huele ginn. Ech stellen ëmmer nëmme fest, datt, wann ech am Ausland sinn, et do wesentlech méi deier ass wéi zu Lëtzebuerg. Wann ech elo zum Beispill Frankräich eraushuelen, well een ee Beispill hei aus Frankräich zitéiert huet: A Frankräich stellen ech mer d'Fro wéi d'Leit et do maachen, wëssend datt d'Leit do an der Moyenne vill manner verdénge wéi zu Lëtzebuerg, fir do iwwerhaapt nach sech kënnen ze erlaben a Restauranten iessen ze goen. Et ass net esou, datt Lëtzebuerg an deem dote Beräich méi deier ass wéi d'Ausland, loin de là. Ech sinn der Meenung, datt dat absolut net richteg ass. Iwwert d'Qualitéit kënnt ee vill diskutéieren, mä dat géing ze vill generaliséiert ginn, duerfir wëll ech dat net maachen.

Ech sinn der Meenung, datt Flexibilitéit an deem do Secteur, wéi gesot, noutwendeg ass. Et kann een net generaliséieren an duerfir sinn ech och net d'accord mat deem wat den Här Jäerling hei gesot huet, datt een einfach hei misst strikt den Droit commun applizéieren a soen domadder hätt et sech. Et ass sécherlech e spezifesche Secteur wou ee muss oppasse wéi ee virgeet, mä ech si virun allem awer der Meenung, datt ee Regele brauch. Duerch dat Gesetz hei schafe mer sécherlech eng Rei minimal Regelen. Eiser Meenung no gi se zwar a gewësse Punkten net wäit genuch, awer virun allem kritiséiere mer, wéi gesot, de Fait, datt et hei och duerch déi minimal Regelen net fäerdeg bruecht gëtt, datt déi Leit virun allem uerdentlech rémunéréiert ginn, uerdentlech bezuelt ginn. Dat ass eiser Meenung no de spréngende Punkt.

Ech muss och soen, ech deelen d'Befierchtunge vun der LSAP wat deen Artikel ubelaangt a wou och d'LSAP elo en Amendement erabruecht huet, deen eigentlech dee Punkt soll preziséieren.

Ech sinn zwar och dem Här Lux senger Meenung, et kann een ëmmer juristesch driwwer streide wéi wat interpretéiert gëtt, mä ech muss awer soen, dee Bréif, deen eis haut hei op den Dësch geflattert komm ass vun der Horesca, dee jo dee Punkt genau betrëfft, deen den Här Lux och zitéiert huet, dee gëtt mir awer éischter d'Befierchtung dass hie Recht huet a seng Fraktioun Recht huet, wéi verschidde Leit d'Interpretatioun vun deem Artikel gesinn. Dofir hätt ech et besser fonnt, wa mer bei deem bliwwe wiere wat d'Kommissioun zu engem gewësse Moment décidéiert hat a mer déi Prezisioun an d'Gesetz erabruecht hätten.

Aus all deenen Ursaachen, Här President, si mir frou, dass hei Minimalregele geschafe ginn. Mir sinn awer der Meenung, dass insgesamt et eis net zefridde stellt a mer eng Rei d'Befierchtungen hunn, déi an eng ähnlech Richtung gi wéi déi vun der LSAP. Dofir wäert et fir eis och kloer sinn, dass mir eis bei dësem Gesetz wäerten enthalen, vu que dass ech jo hei héieren hu wat d'Schicksal wäert si vum Amendement vun der LSAP-Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Dat 20st Jorhonnert war bis an d'70er Joren eran d'Geschicht vu successiven Aarbechtszäitverkierzunge bis hin zur 40-Stonne-Woch. Dat war een historesche Kampf dee gefouert ginn ass, fir dass déi Leit, déi géint Loun schaffen, an dat si mëttlerweil ongeféier 90% vun der Bevölkerung, net mat hirem Betrib bestuet sinn, mä och nach ee Privatliewen hunn, fir et e bësse gelënnt auszedrécken.

Déi Errungenschaft do, déi stong um selwechten Niveau wéi d'Schafung vun der Sécurité sociale nom Bedarfsprinzip iwwert d'Finanzéierung vun der Cotisation sociale, déi vun de Patrone bezuelt gëtt. D'PAN-Gesetz vun 1999 bedeit, an eisen Aen, en déiwen Aschnëtt an déi fortwährend Traditioun vu sozialer Verbesserung, déi bis dohinner virgeherrscht huet. D'Flexibiliséierung ass agefouert ginn 1999 an huet nach zousätzlech Méiglechkeete vun Dérogatiounen iwwer Kollektivverträg, éischtmoleg souguer och an engem negative Sënn, agefouert. D'Géigepartie dovu waren net Aarbechtszäitverkierzunge wéi an anere Länner, mä eng gewësse minimal Sécherheet, wat och nach Flexi-sécurité genannt ginn ass. Dat hat manner mat der ënnerschiddlecher Situatioun an de Betriber ze di wéi mat deem fundamentale Wandel an der Ekonomie an an de gesellschaftlechen Equiliberen. E Wandel, deen zënter 1980 a verstäerkt zënter 1990 agetratt ass.

De Klima an de Betriber ass méi rau ginn. Et ass och méi schwéier gi fir Kollektivverträg ofzeschléissen. Een anert wichtegt Element: d'Leit zécken och fir Kollektivverträg ofzeschléisse do wou Lounkierzunge méiglech gemaach ginn. Ech mengen, dat ass och e bësschen de Problem, dee sech hei stellt. Ech wëll da kuerz op dat Gesetz agoen.

Dat Gesetz ass hei am Detail, an dat ass ganz kloer aus der Diskussioun erausgaangen, wesentlech beaflosst gi vun enger Patronatsvertriedung, déi quasi gezwonge ginn ass, no enger laanger Period vu Widderstand, um Enn dach nach d'accord ze si mat der 40-Stonne-Woch am Horeca-Secteur. Si huet dofir awer ganz grousszügeg Dérogatiounen zur 40-Stonne-Woch duerchgesat. Si huet quasi eng Flexibiliséierung an der Flexibiliséierung duerchgesat. Do kann ee verschidde Beispiller zitéieren, déi sinn och all hei genannt ginn. D'Referenzperiode sinn an d'Luucht gesat gi bis zu sechs Méint fir Betriber ënner 50 Beschäftegter. Et sinn extra Dérogatioune komm bei der maximaler deeglecher a wöchentlecher Aarbechtszäit während de Referenzperioden, besonnesch fir déi kleng Betriber bis hin heiansdo zum 12-Stonnen-Dag an zur 60-Stonne-Woch.

E Plan d'organisation du travail ass net virgesi bei Betriber vu manner wéi 15 Leit, an dat ass jo wuel an deem Secteur ee groussen Deel vun de Betriber a vun de betraffene Leit. D'Dérogatiounen zu deem Gesetz sinn och, am Géigesaz zum allgemenge PAN-Gesetz, net zäitlech limitéiert. Mir wësse jo, dass mer d'PAN-Gesetz mussen d'nächst Joer nach eng Kéier frësch diskutéieren am Hibléck op déi Dérogatiounen, déi do dra stinn. Abee, hei ass dat net de Fall. Hei si fest Dérogatiounen dran ageschriwwe ginn an et sinn zousätzlech nach laang Délaie gelooss ginn de Betriber, besonnesch gewësse Kategorië vu Betriber, fir dëst Gesetz ze applizéieren.

De Statsrot huet munch fundamental Kritik ausgeübt. Hien huet am zweeten Avis complémentaire och esouguer déi europäesch Direktiv kritiséiert op där dat Gesetz hei deelweis berout an huet franséisch Juristen zitéiert, zum Beispill aus der Revue Droit social vum Dezember 2001, wou esou Téin falen ewéi: „Un texte schizophrène, dont la première partie pose des règles que la seconde s'emploie à priver de tout effet impératif". Oder: «valse-hésitation des rédacteurs entre la nécessité de protéger les salariés et la prise en compte d'impératifs économiques». De Conseil d'Etat huet e bësse maliziös derbäi gefügt mat Bezuch op d'Lëtzebuerger Situatioun: „Il semble qu'ainsi les objectifs économiques aient finalement réussi à l'emporter sur les objectifs sociaux". Am Fong geholl seet och de Rapporteur net vill aneschters, wann e schreift: „Le Gouvernement a décidé de présenter plusieurs modifications aux textes amendés, afin de rencontrer les critiques émanant de la Chambre de Commerce et de la Fédération nationale des Hôteliers, Restaurateurs et Cafetiers du Grand-Duché de Luxembourg."

Ech wëll awer och op déi méi positiv Elementer vun deem Gesetz hei hiweisen, awer relativ gesinn: Déi Lounkompensatioun zum kontraktuelle Monats- oder Stonneloun - net zum Mindestloun, wéi et am Ufank virgesi war, wat jo e positive Punkt ass - während der Referenzzäit, wat heescht, dass och während enger Zäit, wou d'Aktivitéit méi reduzéiert ass, de Loun ka gestreckt ginn a konstant ka bleiwen. Um Enn vun där Zäit gëtt jo dann en Dekont gemaach. Dat séchert bei gewësse Fluktuatiounen, zum Beispill bei de Saisonsbetriber, eng gewësse Lounfortzahlung, wat och vun der Aarbechterkammer ausdrécklech begréisst ginn ass.

Méi problematesch ass dass et de Leit soll verbuede gi während där Zäit eng aner Aarbecht unzehuelen, an d'Obligatioun fir dat ze remboursëieren, wat se während där Zäit bei engem anere Patron kritt hunn. No laangwieregen Diskussioune mam Statsrot ass zwar eng Léisung zréckbehale ginn. Ech si mer net sécher, ob dat déi Léisung ass déi alle Schwieregkeete Rechnung dréit. Ech weess och net, ob domat alle Besoinë vun de Leit, déi do schaffen, an alle Fäll Rechnung gedroe gëtt.

Positiv ass d'Definitioun vun der ekonomescher Entitéit vum Betrib, och wann eenzel Deeler vun deem Betrib verschidde juristesch Personalitéiten hunn. D'Aarbechterkammer huet dat begréisst an huet virgeschloen déi Definitioun generell beim neie Kollektivvertragsgesetz ze iwwerhuelen, wat mengen ech och geschitt ass.

Et ass och ee positive Punkt, wann ee gesäit, dass d'Ausdehnung vun der Aarbechtszäit iwwert d'48-Stonne-Woch muss schréftlech virdru genehmegt gi vun deene betraffene Leit. Déi europäesch Direktiv schreift dat vir. Hei hätt et allerdéngs, menger Meenung no, missen dozou kommen, dass drageschriwwe gi wier, dass e Refus dovunner kee Motif de licenciement däerft sinn. Dat, fannen ech, ass e Mangel an deem Gesetz.

Wann een d'Gesetz bis zu deem heite Punkt analyséiert huet, kënnt een soen: dat heite Gesetz hänkt an engem gewësse Sënn d'Horeca-Beschäftegt un den Zuch vun den Aarbechtszäiteverkierzungen un, deen zënter honnert Joer fortgefuer ass, allerdéngs als zweet-Klass-Voiture an engem Zuch, dee selwer och op enger zimlech holpereger Streck de Moment fiert, dee méi steet wéi e rullt, an heiansdo och zréckfiert.

Esou eng Analys hätt nach eng Abstentioun bei deem Gesetz hei méiglech gemaach. Dir wësst, dass déi Lénk prinzipiell géint dat PAN-Flexibiliséierugsgesetz vun 1999 waren. Mä ech mengen déi kruzial Fro, déi elo opgetaucht ass, dat ass déi vum Loun. Ech fannen, dass dat wierklech eng kruzial Fro ass, an domat kommen ech zum ëmstriddenen Amendement, wou erëm erausgeholl ginn ass, dass dat heite Gesetz keng Lounreduzéierung ka mat sech zéien, et sief dann am Kader vum Artikel 37 vum Aarbechtsgesetz.

Et gëtt heiansdo esou duergestallt wéi wann déi Bestëmmung, wa se eraus geholl gëtt, d'Leit elo net méi géif schütze virun enger Lounsenkung. Ech mengen zwar, dass déi al Bestëmmung, wéi se drastong, de Leit net méi Schutz gebueden hätt, well den Artikel 37 heescht jo dach näischt aneschters wéi eng Lounkënnegung, dat heescht, de Patron seet de Leit: An zwee Méint hutt dir een anere Loun. Entweder dir akzeptéiert en oder net, an da bleift dir doheem a macht eng Procédure en licenciement abusif. Mä dann ass et nach laang net sécher, dass d'Geriicht och déi Prozedur unhëlt an déi Argumenter och als valabel erkennt, dass déi Kënnegung abusiv wär. A besonnesch duerch déi Reservë vum Artikel 37 am Gesetz wiere vläicht d'Geriichter nach éischter tentéiert ze soen, mä dat ass eng ganz normal Saach, de Gesetzgeber schreift jo quasi dem Patron dat vir.

Dofir sinn ech ganz d'accord mam Amendement, deen elo vun der LSAP erabruecht ginn ass. Ech wollt deeselwechten Amendement mëndlech hei proposéieren. Dat brauch ech elo net méi ze maachen. Ech fannen deen Amendement géif allerdéngs ganz kloer soen: Et gëtt keng Lounkënnegung opgrond vun deem heite Gesetz, et ka keng Lounkënnegung ginn.

Da wier et wéinegstens kloer gewiescht. Ech weess net, wéi elo genau d'Virgeschicht ass, mat wat d'Gewerkschaften d'accord waren oder net, wat an der Kommissioun diskutéiert ginn ass a wat net. Mä wann ech liese wat de Secrétaire général vun der Horeca haut schreift: „Il n'a jamais été question d'un article introduisant le principe d'une réduction de la durée de travail de 48 à 40 heures, tout en interdisant une baisse de salaire", dann ass dat fir mech ganz kloer, dann ass geplangt an de Patronatskreesser vun der Horeca, fir Lounkierzungen duerchzesetzen, wann dat Gesetz hei bis ugeholl ass, an dat géif jo guer näischt aneschtes heeschen, wéi dass mer grad an deem Secteur, wou déi Leit mat deene klengste Léin schaffen, wou mer de Moien nach de Mindestloun fir déi Leit erhéicht hunn, wou mer hinne mat enger Hand eppes ginn hunn, dass mer hinnen da mat där anerer Hand erëm géifen eppes ewechhuelen iwwert de Wee vu Lounkierzungen.

Da kann ech ganz gutt déi Opreegung verstoen, déi och aus deem Bréif hei ervirgeet, deen de François Bausch virdru virgelies huet, deen ech selwer och wollt virliesen; dat brauch ech dann och elo net méi ze maachen. Ech si souwisou zimlech um Enn mat menger Riedezäit, mä dat ass jo awer déi Diskussioun, déi sech hei stellt.

A wat solle mer dann de Leit soen, wat sollen d'Leit dann hale vun Aarbechtszäitreduzéierunge prinzipiell? Mir maachen aus de Leit Géigner vun Aarbechtszäitreduzéierungen, well d'Leit automatesch mat Aarbechtszäitreduzéierungen och d'Reduzéierung vun hirem Loun fäerten.

Dofir mengen ech iwwregens och, dass et noutwendeg ass, dass e Gesetz muss kommen, wat déi Froen do léist a wat op jidde Fall bei deene klengen a mëttlere Léin esou eng Lounreduzéierug ausschléisst. Mir gesi jo, um Terrain komme mer net weider. Mir musse gesetzlech handelen an d'Regierung an d'Chamber däerfe sech net permanent ënner Drock setze loosse vun deenen interesséierte beruffleche Kreesser, mä mussen autonom handelen als Législateur.

Well dat hei alles net de Fall ass, fäerten ech, dass ganz grouss Schwieregkeeten zoukommen op déi Beschäftegt an deem dote Secteur. Ech wollt mech am Ufank enthale bei deem heite Gesetz, mä nodeem ech déi Diskussiounen elo hei verfollegt hunn, muss ech ganz kloer mat Nee stëmmen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Koepp agedroen. Den Här Koepp huet d'Wuert.

M. Jean-Pierre Koepp *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet, dee mer haut hei stëmmen, betrëfft mech als Eenzelnen hei an der Chamber perséinlech, ausser menge Kolleegen aus der Branche, déi op der Tribün sëtzen.

Wann ech vum Horesca-Secteur schwätzen, da weess ech als Wiert an als Restaurateur vu wat dass ech schwätzen. Ech wëll awer net méi am Detail op dee Projet agoen, well e vun alle Säite beliicht gouf, op vu gudden a vu schlechte Recommandatiounen, déi op eis vun der Horesca erofgefall sinn. Et waren der déi eis gelueft hunn, déi wëssen alleguerten, déi an der Branche dra sinn, wéi muss geschafft ginn a wéi se sech musse ploe fir mat hirem Personal duerzekommen. An ech mengen, e gudde Restaurateur an e gudde Chef weess och säi Personal ze bezuelen.

Ech wëll dofir net méi an den Detail goen, well dat alles gemaach ginn ass. Fir d'éischt wëll ech awer dann nach mengem Kolleeg, dem Nico Loes, merci soe fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport, deen en eis hei virbruecht huet.

Et ass e Projet, deen net jiddereen zefriddestelle kann, mä et ass d'Resultat vun engem Kompromëss an och dëse Kompromëss war keng einfach Gebuert. De Projet huet awer de Mérite, dass endlech méi Klorheet a rechtlech Verhältnisser geschafe gi si wat d'Aarbechtszäit vum Personal an der Horesca ugeet an dofir ginn ech och am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu dësem Gesetz, e Gesetz, dat e staarken Impakt op d'Horesca bréngen dierft.

Erlaabt mer dofir nach e puer grondsätzlech Remarken ze maachen zum legaliséierten Agréff an dës Wirtschaftsbranche. A puncto Aarbechtszäiten ass den Horesca-Secteur nämlech e ganz spezielle Secteur. Den Horesca-Secteur brauch onbedéngt, wann en hei am Land a senger grousser Villfalt iwwerliewe wëllt, séier flexibel Aarbechtszäitregelungen, Aarbechtszäitregelungen, déi net nëmmen deem alldeeglechen, mä och de saisonelle Spezifizitéite Rechnung droen. Jiddereen, dee schonn eraus iessen oder drénke war, oder och alt an der Touristesaison an enger Vakanz ënnerwee war, begräift dat och.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Mir hunn eis scho begéint, Här Koepp!

M. Jean-Pierre Koepp *(ADR).*- Dat ka méiglech sinn, awer net mam Velo!

***(Hilarité)***

Gitt dach grad elo an dëser Joreszäit emol an d'Restauratiouns- oder Traiteursbetriber kucken. Wann d'Nofro do ass muss produzéiert ginn. Et ass net fir d'Chrëscht- oder d'Sylvestergeschäft als Horesca-Entrepreneur oder -Salarié verlängert Weekender ze feieren. An dat huet wierklech glat guer näischt mat de Patronen ze dinn, déi hiert Pesonal nëmmen ausnotze wëllen. Wann Dir e Chrëschtmenu bestallt hutt, wëllt Dir en net eréischt fir Ouschterdag hunn.

***(Hilarité)***

Dofir wëll ech hei emol eppes ganz kloer soen. Et sinn net d'Gewerkschaften, déi d'Aarbechtsplazen hei am Land schafen. Et sinn d'Entrepreneuren an d'Betriber. Geet et an de Betriber gutt, geet et dem Personal och gutt...

***(Interruptions diverses)***

…an dat gëllt ganz besonnesch an der Gastronomiebranche.

Ech warnen Iech dovir, dëse Secteur ze iwwerreglementéieren.

Une voix.- Lauschtert dem Här Koepp no!

M. Jean-Pierre Koepp *(ADR).*- All neit Reglement bréngt zousätzlech Contrainten an zousätzlech Contraintë bréngen nei Käschten. Nei Käschte bedeite méi kleng Gewënner,...

Une voix.- Et gi méi kleng Bréidercher.

M. Jean-Pierre Koepp *(ADR).*- … bedeite méi kleng Investitiounen an da falen d'Emsätz ëmmer méi déif. Mëttel- bis laangfristeg heescht dat, dass vill Betriber d'Baach aginn. Wat dat direkt oder indirekt fir d'Zuel vun den Aarbechtsplaze vun der Horesca bedeite géif, brauch keen eis ze soen.

Eise Secteur, wann ech en esou bezeechnen däerf, bitt ville Leit eng Schaff an en Akommes. Momentan schaffen iwwer 11.000 Leit am Horesca-Secteur, grad esou vill Frae wéi Männer. Déi ronn 2.500 Betriber am Secteur hunn an deene leschten 20 Joer konstant nei Aarbechtsplaze geschaaft an och besat. Dobäi hat an huet dëse Secteur ëmmer nach Problemer fir dat néidegt Personal op dës Posten ze fannen. Hautdësdags besteet onst Personal zu 95% aus Net-Lëtzebuerger. Ech mengen, mir kënne frou sinn, dass mer déi alleguerten hei bei eis schaffen hunn, déi an hirem Land Schwieregkeeten hunn, fir Aarbecht ze fannen a mir si stolz drop, se ze hunn.

Ob dëst Gesetz, andeems et d'Aarbechtszäitkonditioune verbessere wëllt, dëse Rekonstruktiounsproblemer ophëlleft, bleift nach an der Praxis ze beweisen. Op alle Fall ass dat eng Begrënnung vum Législateur fir dëst Gesetz.

Dëst gesot, wëll ech nach eng Kéier den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Marcel Glesener huet nach d'Wuert gefrot. Den Här Glesener huet d'Wuert.

M. Marcel Glesener *(CSV).*- Jo, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, obschonns alles gesot ass, wollt ech awer nach kuerz op eppes agoen, well jo eng Rei Amendemente virleien, notamment dee vun der sozialistescher Fraktioun. An ech wollt dozou eppes soen, well dat jo och dee wesentleche Punkt ass, deen eis trennt. Do wëll ech nach eng Kéier eng Explikatioun ginn.

Ech bestätegen, datt mer alleguerten an der Kommissioun eng gutt Contributioun geleescht hunn, fir zu engem Kompromiss ze kommen a fir zu engem Endresultat ze kommen am Intérêt vun deene Leit, déi am Secteur schaffen, ouni dem Secteur Schwieregkeeten ze bréngen. Dat war d'Intentioun vun eis

alleguerten. Och mat de Kolleege vun der sozialistescher Fraktioun - an zesummen, Här Lux - hu mer, an enger Rei vun Artikelen, Kompromissbereetschaft jusqu'à la limite bewisen.

Dofir deet et mer och Leed an et ass schued, datt mer eis op engem Punkt, wat méi fir mech a fir eis eng Interpretatioun vum Droit commun ass, ausernee ginn, an zwar esou wäit, datt opgrond vun den Diskussiounen an der Kommissioun Är Fraktioun deem Projet hir Zoustëmmung ginn huet, Der lech awer elo, opgrond vun der Interpretatioun vum Droit commun, zu deem Projet enthaalt.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Ech hunn d'Interpretatioun gelies, wéi déi vum Secteur gemaach ginn ass.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Jo, mä ech weess, also ech géing…

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Ech hu gemierkt, datt Der do selwer schonn eng Nuance maacht. An där éischter Interventioun hutt Der gesot, den Amendement wär superfétatoire.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Jo, jo, jo.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Elo sot Der et wär eng Fro vun Interpretatioun. Dat ass schonn e groussen Ënnerscheed.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Jo, jo, mä et ass eng Fro vun Interpretatioun, an doduerch wann Der lech beharrt, den Artikel 12 awer nach eran ze bréngen, da soen ech, ass den Artikel 12 superfétatoire an ech erklären lech et nach eng Kéier. Mir leie ganz no beieneen, Här Lux.

***(Interruption)***

Mir haten alleguerten d'Suerg, datt et opgrond vun der Aarbechtszäitverkierzung net dierft, entspriechend dem Droit commun, zu Lounkierzunge kommen. Dat war eis Suerg. Aus där Suerg hu mer den Artikel 12 duerch en Amendement an d'Gesetz agebaut; an do hat Dir de Mérite.

Im Nachhinein hu mer awer festgestallt, datt genau dat, wat mer an deem Amendement soen, schonn Inhalt vum Gesetz ass. Et ass dach Onsënn, fir extra den Artikel 12 nach eng Kéier anzefügen, fir genau datselwecht ze soe wat am Artikel 2 vum Projet de loi steet; an ech géif lech bieden dat dach zur Kenntnis ze huelen.

Am Artikel 2 vum Projet steet, datt, am Zesummenhang mat der Durée de travail des ouvriers, deen op de Secteur Horeca applicabel ass. Dat seet d'Gesetz ganz kloer. Den Artikel 18 vun deem Gesetz, op dat mer eis beruffen, seet, datt deen op den Horeca-Secteur applicabel ass. Den Artikel 18 vum Gesetz vun 1970 seet ganz kloer dat, wat Dir an Ärem Amendement och sot.

***(Interruption)***

Mä dat steet am Gesetz: „Les réductions de la durée de travail" a sou weider a sou weider, „ne peuvent entraîner en aucun cas une diminution de la rémunération".

Dat steet däitlech a kloer am Gesetz vun 1970, a wa mer an dësem Projet schreiwen datt dat do applicabel ass op den Horesca-Secteur, dann ass et evident, datt deen Amendement superfétatoire ass, well et scho ganz kloer an däitlech am Artikel 2 steet.

An dofir deet et mer Leed an dofir soen ech: Dat do ass just eng Interpretatioun vum Droit commun, ma ëm Gottes Wëllen, beloosse mer et dach dobäi wat mer an der Kommissioun décidéiert hunn, a beruffe mer eis op den Droit commun, an der Sécherheet, datt deen Droit commun zu absolut kenge Problemer féiert an datt d'Leit am Horesca-Secteur, déi Aarbechtszäitverkierzung maachen, kenge Lounkierzungen ënnerleien. Dofir kënne mir Ären Amendement net unhuelen.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Här Glesener, wann dat esou wär, wéi Dir et sot - a wat vu Juriste bestridde gëtt -, da wär et jo einfach, den Amendement och ze huelen an en dran ze setzen, grad esou wéi et einfach ass en erauszehuelen, wann et esou ass, dass dat souwisou schonn ass, an der Lex Horesca, dat nach eng Kéier ze bestätegen, dann hutt Der de Jo...

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- A wisou dann, Här Lux?

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- …vun der Fraktioun hei, an dann hutt Der de Jo vun de Gréngen.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Mä, Här Lux, dat maache mer dach ni. De Projet hat dat net virgesinn. Mir maachen en Amendement an de Projet, a mir huelen en erëm eraus, wat schonn expressis verbis am Projet steet.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Voilà, Här Lux, also mir wëllen datselwecht, mä et ass eng Affaire vun Interpretatioun vum Droit commun a mir sinn der Meenung, datt den Droit commun voll applicabel ass op déi nei Versioun am Horeca-Secteur.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Den Här Urbany freet nach eng Kéier d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Här President, ech wier och frou wann de Minister vläicht kéint nolauschteren. Ech mengen nämlech net, dass dat elo esou ass, wéi den Här Glesener seet. Dat hei ass nämlech e Spezialgesetz an dann ännert dat Gesetz nach um Gesetz vun 1970, mengen ech, een oder zwee Artikelen, déi awer näischt heimat ze dinn hunn. Dee Moment wou deen Artikel net an deem heite Spezialgesetz dra steet, an da jo den Droit commun vun der Loi sur le contrat de travail applicabel ass, schéngt et mir esou ze sinn, wéi wann eng Lounkënnegung kéint am Horesca-Secteur erfollegen, opgrond vum Artikel 37 vum Aarbechtsgesetz.

***(Interruption)***

An déi Spezialbestëmmung iwwert déi aner Secteuren, déi am Gesetz vun 1970 dra steet, wou effektiv drasteet, „à aucun moment" an „en aucun cas" kënnt et zu enger Lounkierzung kommen, déi gëllt dann net hei fir den Horesca-Secteur.

Une voix.- Jo.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Dat ass meng Interpretatioun vun der legislativer Basis.

M. le Président.- Elo héiere mer den Här Aarbechtsminister François Biltgen. Deen ass jo och Jurist, net nëmme Minister, a kann da Stellung huelen zu deem wat Der elo grad gesot hutt.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.-* Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wollt awer hei als Politiker schwätzen, an net als Rechtsberoder. Dat hunn ech laang Joren a mengem vergaangene Liewe gemaach an dat wäert ech vläicht an Zukunft och erëm musse maachen.

Ech si mol fir d'éischt frou, dass mer haut dee Projet stëmmen. Ech muss soen, dass et fir mech perséinlech och e groussen Dag ass, dass mer fäerdeg bruecht hunn eppes ze maachen, wat 30 Joer am Raum stoung a wat vill Leit ni fir méiglech gehalen hunn, dass et iwwerhaapt géif zustane kommen. Ech hunn a mengem Büro e klengt Bildchen hänken, wat de Premier mer geschenkt huet, wou en aus dem Tageblatt eng Iwwerschréft erausgeschnidden huet a wou drop stung: „Mitch hat uns um 30 Jahre zurückgeworfen".

Hei ass effektiv dat geschitt, 30 Joer, nodeem d'Gesetz gesot huet, et misst eppes geschéien, an d'Sozialpartner näischt fäerdeg bruecht hunn, huet de Mitch e Projet de loi op den Instanzewee ginn. Dee kënnt haut, trotz den Diskussiounen, déi mer hunn, déi ech awer och als ganz objektiv ëmfonnt hunn, mengen ech, zu engem gudde Schluss. Ech mengen dat ass ganz wichteg.

Ech wëll och dofir merci soen, fir d'éischt de Sozialpartner, well et mer awer méiglech war, obwuel d'Sozialpartner ënnert sech net eens goufen, mat de Sozialpartner en Accord ze fannen, dee se plus ou moins akzeptéiert hunn. Dat zielt esou gutt fir den OGB-L, op deem seng Roll ech nach eng Kéier zréckkommen, den LCGB an och d'Horesca. Merci awer dann och hei der Chamberkommissioun, an alleréischter Linn dem Rapporteur Nico Loes.

Et war net einfach deen heite Projet duerchzezéien, well net nëmme politesch Ausenanersetzunge waren, mä och ëmmer erëm technesch juristesch Ausenanersetzungen, wat et net einfach gemaach huet. Et war besonnesch net einfach déi lescht Wochen, well ech och - an ech ginn dat gären zou - drop gedrängt hunn, dass mer dee Projet solle vum 1. Januar un a Kraaft hunn, fir dass do d'40-Stonne-Woch an eng ganz Partie Betriber scho kënnt. Ech hat wierklech Angscht, wa mer elo net fäerdeg ginn, dann hu mer e Joer verluer. Dat wollt ech eigentlech net hinhuelen.

Et war dofir keng einfach Aufgab fir d'Kommissioun, ënnert dem President Glesener a mam Rapporteur Nico Loes an all de Membere fir dat ze maachen, an dofir nach eng Kéier all deene Membere merci och fir déi konstruktiv Beiträg. Ech mengen, et ass net vill Demagogie gemaach ginn. Mir hu versicht dat heiten duerchzediskutéieren an et ass e komplexe Punkt.

Et ass natierlech e Seeldanz wann ee wëllt en Accord fannen tëschent Sozialpartner, et ass e Seeldanz wann ee wëllt engersäits Aarbechtsrechtsprinzipien duerchféieren an dann op där anerer Säit e Secteur net futti maachen. Ech stelle fest, dass vill Leit heibannen och emol haut festgestallt hunn, wéi schwiereg dat ass. Wann ech elo nëmmen op déi zwee ADR-Orateuren ze sprieche kommen, gesinn ech jo, dass vläicht vill Leit haut verstanen hunn, dass Kompromësser ze fannen net onbedéngt evident ass.

Den Horesca-Secteur ass e schwierege Secteur. Et ass e Secteur wou schwiereg Aarbechtsbedingunge bleiwen an dat wäert och an Zukunft esou sinn, well déi Leit mussen oft schaffe wann déi aner Leit fräi sinn. Sou ass dat, well déi aner Leit ginn normalerweis dann iesse wa se fräi sinn.

Et ass e Secteur wou ganz niddreg Léin verdingt ginn. Mir hunn haut de Moie scho gesot, wéi vill Mindestloun an deem dote Secteur verdingt gëtt. Iwwregens op eng Fro vun de Moie vum Här Lux wëll ech elo d'Äntwert scho ginn: Bei de Mindestlounbezéier insgesamt - ech weess elo net vum Horesca-Secteur - sinn 58,4% Résidenten an 41,6% Frontalieren. Et ass also net esou, dass do nëmme Frontaliere wären, mä et sinn iwwerproportional Frontaliere bei de Mindestlounbezéier par rapport zu de Résidenten.

Hei ass et nach vill méi schlëmm an hei ass et evident, dass ganz vill Auslänner do dra schaffen. Ech muss och soen, dass ech dat doudsécher hei och gemierkt hunn, och wat de Lobbyismus ubelaangt. Also d'Patrone si méi Lëtzebuerger, awer net nëmmen. Do fanne mer ganz vill Auslänner, bei de Salariéen hu mer ganz vill Auslänner, well mer der och net genuch hei fannen, op déi Problemer vun der Pénurie des main-d'œuvres wollt ech nach eng Kéier zréckkommen.

Dann ass et esou, dass et e Secteur ass dee muss kompetitiv iwwert d'Grenzen eraus bleiwen. Mir hu kleng Grenzen a wa mer den Tourismus bedenken, ass natierlech grenziwwerschreidend Kompetitivitéit ëmmer do. Mir hunn och ganz vill kleng Familljebetriber hei nach am Land, déi traditionell gewuess sinn. Dat ass en Tissu, deen, mengen ech, awer wierklech zu eiser Identitéit gehéiert an et wär schlecht wa mer herno nach just grouss Chaînen hätten a keng méi kleng Familljebetriber. Et ass esou, dass mer eng Onmass vu verschiddene Situatiounen hunn.

Wéinst den Differenzen tëschent de klenge Familljebetriber wéi Hotel-Restauranten, de Pensiounen, de Luxushotelen, de Luxusrestauranten, de Kantinen, de Fast-fooden, den Traiteuren an esou weider ass et e Secteur dee ganz schwiereg op en Nenner ze bréngen ass. Dat huet mech zum Beispill ëmmer dozou bruecht, fir de Sozialpartner ze soen: Maacht e Kollektivvertrag, well am Kollektivvertrag kënnt Der méi flexibel op déi eenzel Secteuren agoen, wéi ee Gesetzgeber dat ka maachen. Dat bleift och an Zukunft esou.

Mir hoffen, dass herno Kollektivverträg kommen an deem engen oder aneren Ënnersecteur, fir eppes ze maachen. Mä et war jo esou, dass dat net méiglech war, an dass ech ganz am Ufank, wéi ech Aarbechtsminister gi sinn, d'Sozialpartner geruff hunn, an ech hu verstan, dass déi net géifen ënner sech eens ginn, an doropshin hu mer en Text ausgeschafft. Ech war du ganz frou, dass d'Sozialpartner d'accord waren, um Text ze schaffen, an dass och kee maximalistesch Fuerderungen hat.

D'Horesca huet mer am Ufank geschwat vun enger Generaliséierung vun der 48-Stonne-Woch. Déi Fuerderung ass awer ganz séier fale gelooss ginn am Laf vun de Gespréicher. Och den OGB-L an den LCGB hate keng maximalistesch Fuerderungen. Dat huet mech dra bestätegt, fir weider ze négociéieren, an net vun uewen erof eppes dran ze bréngen, well ech och gemierkt hunn, dass do d'Gewerkschaften dialogbereet waren. Et ass esou, wéi den Här Lux et hei gesot huet, dass virun allem d'Virschléi vum OGB-L dee Projet de loi, deen ech op den Instanzewee ginn hunn, largement, net exklusiv selbstverständlech, mä largement inspiréiert hunn. Ech hunn ni en Hehl doraus gemaach, dass ech déi gelies hunn, an dass ech déi ganz staark mat agebaut hunn.

Ech wéilt och soen, ech huelen hei en Artikel vum 30. Mäerz 2001, wou drop steet: „OGB-L begrüßt Pläne von Minister Biltgen. Mit Genugtuung nimmt der OGB-L das Vorprojekt von Arbeitsminister François Biltgen für eine gesetzliche Regelung der Arbeitszeiten im Hotel- und Gaststättengewerbe zur Kenntnis" - an esou weider an esou fort - „der Entwurf des Ministers bewege sich jedenfalls auf gleicher Linie wie die OGB-L-Vorschläge vom Dezember 1999". Ech hunn nëmmen där Lueflidder gelies.

Ech zitéieren dann och, fir dem Här Garcia ze weisen, dass hien net deen Eenzegen ass, dee portugisesch kann, eppes wat an enger portugisescher Zeitung, dem Correio, stoung, en Interview vum Jean-Claude Reding, Generalsekretär vum OGB-L, deen do schreift: „Pensamos que o projecto está no bom caminho", dat wëllt soen: Mir mengen, dass dee Projet um gudde Wee ass. „Até agora François Biltgen sempre honrou o que prometeu", dat heescht, bis elo huet de François Biltgen nach alles dat gehalen, wat hie versprach huet. An „Estou confiante que o projecto vai melhorar a situação dos trabalhadores do sector": Ech hu vollt Vertrauen, dass deen dote Projet de loi d'Lag...

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Wat dat heescht hutt Dir eis net iwwersat.

***(Hilarité)***

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.-* Dach, ech hu vollt Vertrauen, dass dëse Projet de loi d'Konditioune vun den Aarbechter an deem Secteur wäert verstäerken.

***(Interruption)***

Jo, ech hu mäi Südaccent do.

***(Hilarité)***

Ech sinn do éischter «trás-os-montesch» belaascht.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Wësst Der nach, wat eng Kéier hei lass war, wou ee portugisesch hei geschwat huet?

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Dunn ass d'CSV erausgaangen.

Une voix.- Do gesäit een erëm, jee nodeem wien hei wat seet.

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* D'CSV ass fortgelaf.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Dat waren nach Zäiten.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.-* Op alle Fall war et dann elo fir d'zweet an der Geschicht vun dësem Parlament, dass portugisesch geschwat ginn ass.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

An ech soen lech och wuerfir ech dat Zitat wollt bréngen. Einfach, fir lech drop opmierksam ze maachen, dass vill vun eise portugisesche Matbierger hei am Land an deem dote Secteur schaffen - dat muss een einfach wëssen -, an dass mer, wa mer hei Aarbechtszäite reguléieren, och eppes fir eis auslännesch Matbierger, déi hei wunnen, maachen. Dat solle mer haut och net vergiessen.

Ech hunn déi Zitater vun deene Lueflidder bruecht, einfach fir lech ze soen, dass ech schonn e bëssen iwwerrascht war iwwert dee Bréif, deen ech kritt hunn, ech wëll net soe vum OGB-L, mä vun engem OGB-L-Sekretär, an deen ech fir d'éischt an der Zeitung gelies hunn. Mëttlerweil hunn ech en awer och kritt. Ech sinn net iwwerrascht iwwert de Fait, dass den OGB-L grad wéi den LCGB sech hei opreegt iwwert dat Wiesselspill vum Artikel 12. Ech mengen, dat ass net méi wéi normal an och net méi wéi richteg, besonnesch nodeem jo awer och hei vun där anerer Säit vun der Horesca lobbyéiert gouf, fannen ech et näischt méi wéi normal, dass och hei d'Gewerkschaften Drock maachen. Ech si just iwwerrascht iwwert d'Teneur, déi do dra steet, nämlech dass dat Gesetz net soll gestëmmt ginn, well et eng Loi antisociale wier.

Deen Amendement war net am ursprüngleche Projet mat dran. Iwwert dee Punkt hu mer ni diskutéiert. Et wär néideg gewiescht, fir driwwer ze diskutéieren - ech maache mir dat och zum Virworf, dass mer dat net ausdiskutéiert hunn en temps utile -, mä et huet kee vun de Partner, och ech net, dru geduecht, dat auszediskutéieren. Et kann een awer duerfir elo net behaapten, well deen Amendement erakomm ass an erëm erausgeholl ginn ass, dass dee géif den Equiliber vum Projet a Fro stellen, wéi ech dat hei liesen.

De Projet ass deeselwechte wéi virdrun an ech verstinn net, dass am Ufank den OGB-L gesot huet: „Dee Projet ass gutt", an elo seet hien: „En ass schlecht, Dir dierft en net

stëmmen“. Ech mengen och net, dass dat heiten dem OGB-L seng Meenung ass. Ech mengen, hei ass en neie Sekretär an deem Beräich, dee sech nach wëllt bekannt maachen, deen net derbäi war wéi déi aner Sekretären, déi gutt mat mir verhandelt hunn. Ech huelen dofir dat heiten elo wierklech net als Kampferklärung vum OGB-L un. Ech wëll dat hei och elo net iwwerbewäerten. Ech kommen nach eng Kéier op deen Artikel 12 am Schluss zréck.

Wat d'Beruffskummeren ubelaangt ass et richteg - ech hunn dat scho gëschter gesot -, dass mer de Beruffskummeren d'Amendementen net méi geschéckt hunn. Ech wäert mech an der Regierung asetzen, dass mer vu Regierungssäit ëmmer d'Amendementen un d'Beruffskummere schécken. D'Beruffskummeren hu Recht, wa se d'Amendementen net kréien, dass se sech doriwwer iergeren. Ech hätt och gären, wann d'Chamber dat och géif maachen.

Ech wëll awer hei soen: Zu dësem Punkt stellt d'Fro sech net. Ech mengen, dat hat och schonn den Här Glesener gesot. D'Amendementen u sech, besonnesch déi, déi d'Regierung hätt missen der Chambre des Employés privés ginn, well dat ass jo déi eenzeg, wou ech mer e Virworf maachen, dass ech hir se net ginn hunn, waren all am Sënn vun enger Verbesserung vun der Lag vum Salarié.

Mir hunn den Accord préalable vum Salariat gefuerdert, fir iwwerméisseg Stonnen ze prestéieren, d'Buch, wou d'Stonne mussen agelëscht ginn. Dat waren also alles Amendementen, déi méi favorabel waren. Souguer déi Sechs-Méint-Referenzperiod war méi favorabel wéi déi ursprünglech Zwielef-Méint-Referenzperiod, déi a mengem Avant-projet de loi war. Ech wëll iwwregens hei soen, dass dee Projet de loi a sengem ganze Werdegang ëmmer nëmmen zu Gonschte vun de Salariéë verstäerkt gouf: op Grond vum Avis vum Statsrot, op Grond vun den Amendemente vun der Kommissioun an och op Grond vun den Amendemente vun der Regierung. Et kann een net soen, dass deen heite Projet de loi en cours de route verwässert gi wier. Déi Diskussioun vum Artikel 12 huelen ech nach eng Kéier fir sech.

Richteg ass och, dass ech frou gewiescht wier, wa mer méi Zäit gehat hätten. Ech bleiwen awer dobäi, dass et besser ass, wann dee Projet elo den 1. Januar a Kraaft trëtt, och wa mer net all juristesch Fro wierklech bis zum Schluss ausdiskutéiert hunn. Ech wäert awer och wëllen hëllefen Äntwerten ze ginn.

Ech hunn, wéi gesot, vum OGB-L an dem LCGB geschwat. Ech wëll awer dann och en Zitat brénge vun der Horesca, fir och e bësselchen do ze weisen, wat awer d'Stëmmung an deem Secteur war. De 27. Mäerz 2000 war nämlech d'Assemblée générale, d'Journée Horesca, zu Mondorf. An hirer Zeitung gouf deen Evénement ganz grouss ugekënnegt: „Durée de travail hebdomadaire, Plan d'action national en faveur de l'emploi ou contrat collectif ne sont que quelques expressions que l'on entend de plus en plus ce dernier temps. La raison est que depuis la mise en place du nouveau gouvernement l'année passée, le ministère du travail est passé entre les mains de François Biltgen. Cet ancien syndicaliste“ - dat war ech awer ni - „s'attaque depuis son entrée au gouvernement aux problèmes entre patronat et salariat dans les différents secteurs économiques.

Le fait qu'il n'y ait ni règlement spécifique ni contrat collectif dans notre secteur ne pouvait passer inaperçu. Afin de trouver des solutions dans le dialogue entre les différents partenaires, François Biltgen participera à la journée Horesca 2000. Il est par conséquent important d'être présent à Mondorf-les-Bains pour rendre le ministre attentif aux spécificités de notre secteur, qui est d'ailleurs un des rares secteurs créateurs de nouveaux emplois.“

Ech sinn also mat enger gewëssener Appréhensioun dohinner gaangen, well ech mech gefrot hunn, ob ech do géif giess ginn zu Mondorf oder aner Saachen, an ech muss soen, dass ech ganz gutt do erauskomm sinn. Ech hat och vill Gespréicher mat Leit. Ech hunn och do festgestallt, dass ganz vill Leit an deem Secteur sinn, déi sech bewosst sinn, dass eppes muss geschéien. Dat huet och erklärt, dass mer relativ gutt an där ganzer Period mat der Horesca als Vereenegung zesummegeschafft hunn, well se sech bewosst waren, dass et net kéint esou weider goen. Si hu konstruktiv hei matgeschafft. Och dat ass wichteg, wann ee gär e Gesetz duerchgesat hätt, well wann dauernd géint e Gesetz gestänkert gëtt bei de Leit, dann ass dat och schlecht. Et ass besser et huet een den Accord vun de Beruffsverbänn, fir eppes duerchzesetzen, wéi et huet een en net.

An zéng kuerze Punkte wëll ech op d'Prinzipie vum Gesetz agoen:

Éischtens: Mir setzen internationaalt Recht ëm, mä mir gi méi wäit, well no der Konventioun géif et duergoen, fir op eng 48-Stonne-Woch ze goen. Mir ginn hei awer op eng 40-Stonne-Woch. Mir hunn eis mëttlerweil och mat der Direktiv auserneegesat vum Fonds du travail. Mir hu festgestallt, dass mer effektiv e puer Punkten an eiser Gesetzgebung hunn, wou mer kënne géint d'Direktiv verstoussen. Ech denken, zum Beispill un déi Dispositioun am PAN-Gesetz, dass de Minister ka bis zu zwielef Méint ginn, quitte dass hien dat no Récksprooch mat de Sozialpartner mécht, mä d'Fro ass, ob déi doten Dispositioun vum PAN-Gesetz conforme ass zu der Direktiv, ob mer do net missten op véier bis sechs Méint zréckgoen. Dat wäerte mer elo diskutéieren, wa mer d'PAN-Gesetz nach eng Kéier kucken.

Zweete Prinzip: Mir hunn de Wee gesicht iwwert d'Gesetz ze fueren. D'70er Gesetz sot: Règlement grand-ducal. Mir waren der Meenung, dass et besser wär wéinst enger ganzer Partie vun Ursaachen, wéinst juristesche selbstverständlech, mä virun allem och wéinst politeschen, dass de Législateur hei géif kloer Verhältnisser schafen. Dofir hu mir e Gesetz gemaach. Dat erkläert awer, dass mer eis beschränken op d'Aarbechtszäiten, an dass mer net aner Punkten, déi och sécher néideg wären, fir driwwer ze diskutéieren, à ce stade net ugaange sinn.

Drëttens hu mir versicht op den Droit commun ze kommen a mir hunn d'Basis den Droit commun gemaach. Dat ass vläicht souguer méi wäit, wéi versicht dem Droit commun nozekommen. Mir hu gesot: Mir diskutéieren nëmmen op Grond vun der 40-Stonne-Woch. An dat hunn ech schonn am Mäerz 2000 der Horesca zu Mondorf gesot. Et gëtt d'40-Stonne-Woch. Mir sinn awer bereet do Nuancen eranzebréngen, mä et ass d'40-Stonne-Woch, déi elo agefouert gëtt, an dat ass de grousse Prinzip vum 70er Gesetz.

De véierte Punkt ass d'Progessivitéit. Et ass haut vu verschiddene Säite contestéiert ginn, dass mer d'Gesetz an dräi Etappen afëieren. Mä ech mengen, dass et wichteg ass dass een dat an dräi Etappen afëiert, fir och de Betriber ze erlabe sech op dat Gesetz hin ze bilden. Ech komme ganz oft a Restaurante wou d'Leit bei mech kommen - d'Patronen - a mer soen, dass se elo schonn amgaang sinn hir Équipen esou ëmzestellen, och hir Aarbechtszäiten esou ëmzestellen, dass se à la longue op déi 40-Stonne-Woch kommen.

Ech mengen, wann ee gär hätt, dass dat Gesetz och herno applizéiert gëtt, da muss een och net einfach mat der Briechstaang doduerch fueren. Et notzt eis näischt wa mer elo e Gesetz hu wat ganz schéin um Pabeier ausgesäit, wat, wéi den Här Jaerling et hei virschléit, total Aarbechtsrecht war. Mir géifen dat hei stëmmen an dee Pabeier géif Lettre morte bleiwen. Mir mussen och ee Gesetz hu wat kann applizéiert ginn a wat eppes bréngt.

E fënnefte Prinzip ass d'Flexibilitéit. Et ass nun esou, dass an deem dote Secteur ee muss flexibel bleiwen. Dat ass iwwregens an all deenen anere Länner och de Fall. Dofir hu mer déi Zäiten agefouert, wou een souguer iwwert d'48-Stonne-Woch op enger Referenzquot kann erausgoen, Juni bis September, Chrëschtdag, Ouschteren, Péngschten, dann natierlech och zwee Kiermesdeeg - an net méi; zwee Kiermesdeeg -, an do kann ee bis zu 51, 54 oder 60 Stonne goen, jee nodeem wéi. Mir hunn och Referenzperioden erabruecht. Dat ass déi Flexibilitéit, déi mer erabruecht hu fir dem Secteur ze erméiglechen, fir nach weider ze schaffen.

An där Progressivitéit an an där Flexibilitéit spillt eise sechste Prinzip, dat ass dee vun der Klengbetribsregelung. Mir hunn am Koalitiounsprogramm vun dëser Regierung stoen, mer géifen och Klengbetribsregelung maachen. Klengbetribsregelung heescht, dass ee muss kucken, dass och d'Gesetzer an de klenge Betriber kënnen adaptéiert ginn. Hei hu mer dat gemaach, andeem dass mer ebe besonnech deene Betriber vu manner wéi 15 Leit, an ech denken do un déi typesch Lëtzebuerger Familljebetriber, dès le départ méi Flexibilitéit ginn. Mir ginn awer op där anerer Säit bei déi grouss Betriber, vu méi wéi 50 Leit, vum 1. Januar un op den Droit commun. Do spillt den Droit commun. Wa se da gäre Flexibilitéit hätten, Referenzperioden, da sinn déi Betriber gezwonge bei d'Gewerkschaften ze goen a mat de Gewerkschafte Kollektivverträg auszeschaffen. Dat ass och e Wonsch deen ech gär vun dësem Gesetz hätt.

Siwente Prinzip: d'Coupure. Bis elo kann een esou vill Coupurë maache wéi ee wëllt. Mir sinn hei eens gi fir ze soen: Et gëtt nëmmen eng Coupure. D'Fro war: Ass et dräi oder véier Stonnen? Ech muss soen, ech war ni iwwerzeegt vun dräi oder véier. Ech mengen awer, dass dräi besser wär, well wann d'Leit ze vill laang - et ass wéi de Prinzip vun der Amplitude - hänken, dann ass dat och net gutt, well et weess een och net wou se hänken. Dofir hu mer hei fir dräi Stonnen optéiert, mat der Possibilitéit, dass ee Reglement et kéint maachen, wann do Nout um Mann war. Zur Zäit gesinn ech dat net an; zur Zäit - nach eng Kéier, widderhuelen ech - bréngen ech keen esou ee Reglement eran. Et bleift bei dräi Stonnen.

Aachtens dann: d'Nuetsaarbechtsregelung. Hei maache mer eppes wat bis elo a kengem anere Gesetz steet. Et ass just am Kollektivvertragsgesetz wou steet: Et muss Nuetszouschléi ginn. Hei si mer an engem spezifesche Secteur wou Nuetsaarbecht ass a mer soen: Do muss een Nuetszouschléi ginn, an déi gi mer vun eng Auer un. Woufir vun eng Auer un? Well dat déi normal Späerstonn ass a well mer mengen, dass, wann ee Client no eng Auer nach gären zerwéiert gëtt, en dann och muss a Kaf huelen, dass de Patron seet, ech hu Leit hei schaffen an déi muss ech méi deier bezuelen, an ech mengen dass et kee géif stéiere wann e gesot krit: No eng Auer sinn d'Präisser ëm sou vill Prozent méi héich wéi virdrun. Dat ass fir mech eppes Normales.

Ech soen lech och, dat war besonnesch ee Wonsch vu mir, déi Nuetszouschléi no eng Auer ze maachen, well nämlech an därselwechter Zäit, wou mer hei un deem Text geschafft hunn, hei an der Chamber déi Proposition de loi diskutéiert ginn ass, fir d'Discoë méi laang op ze loossen. Ech hu besonnesch un déi Leit geduecht, déi och nach mussen am Kaméidi schaffen. Kann een dat och Musek nennen? Anerer nennen dat Kaméidi. Fréier hunn ech et och Musek genannt, wéi ech méi jonk war. Mä ech denken awer un déi Leit déi do musse schaffen, wat wierklech net einfach ass. Ech hätt wierklech gär, dass déi Leit och uerdentlech bezuelt ginn.

Néngte Prinzip, dat ass d'Kontroll. Ech sot dat scho virdrun. Wa mer et net fäerdeg bréngen d'Gesetz anzehalen, ze kontrolléieren, da komme mer net duerch. Dofir hu mer och zum Schluss nach een Amendement bruecht, nämlech dass, wann ee méi wéi 48 Stonne schafft, een da muss säin Accord préalable gi fir déi Iwwerstonnen ze maachen, fir déi zousätzlech Stonnen ze maachen, respektiv hu mer de Register, wou de Patron muss opféiere wéi vill Stonne jiddferee schafft. Effektiv ass et richteg, dee Moment wou mer op de POT verzichten, musse mer op d'mannst eng Kontrollméiglechkeet hunn, fir dass d'ITM ka kontrolléieren, wéi laang d'Leit geschafft hunn. Dofir hu mer nodréiglech an engem Amendement erabruecht, dass fir all déi Stonnen do, net nëmme bei deenen, déi méi wéi 48 Stonne schaffen, mä iwwerall wou kee POT verlaangt gëtt, muss e Register gefouert gi wéi d'Leit geschafft hunn. Dat erlaabt eis als ITM d'Kontroll besser ze maachen.

Da kommen ech zum zéngten a leschte Punkt - dat ass mol kee Prinzip méi, dat ass e Punkt -, dat ass den Artikel 12, oder 10, mä elo ass e jo net méi dran. Do wëll ech nach eng Kéier drun erënneren, dass dat eng nei Diskussioun war, déi eréischt an der Chamberkommissioun lancéiert gouf. Et ass also näischt wat virdrun eng Kéier als Fuerderungen erhuewe gi war an dat war ni virdrun am Gespréich. Esou oder esou ass also den Equiliber vum initiale Projet net gestéiert. Wat sot den Artikel 12, wéi en dra war? E sot: „Et kann een net de Loun kierzen.“ Mä an engems koum eng Derogatioun zu deem Prinzip a sot: „Mä iwwert den Artikel 37 kanns De et maachen.“ Ech hunn dann och eng Partie juristesch Notë verlaangt. An enger Note hunn ech zum Beispill gelies, dass deen Artikel u sech absurd wär, well en engersäits seet. Du däerfs net erofgoen. Da seet en, iwwert deen dote Wee kanns De erofgoen. An an engems gëtt d'Gesetz selwer jo de Motif légitime fir d'Kënnegungsännerung. Den Här Urbany huet do ganz Recht gehat mat deem wat en hei juristesch gesot huet, also ass deen Artikel u sech absurd.

***(Interruption)***

Neen, neen. Ech kommen nach eng Kéier op Äre Virschlag zréck. Ech wëll just soe wat de Statsrot och geschriwwen huet.

De Statsrot schreift: „La seule diminution du nombre d'heures, en application de la loi sous avis, disposant une réduction de la durée de travail, ne constitue pas une modification du contrat de travail. Par contre, la rémunération contractuelle constitue une clause essentielle du contrat de travail qui ne peut être modifiée, même de façon minime, sans l'accord du salarié. Pour toute modification en défaveur du salarié, l'employeur est donc tenu d'appliquer la procédure visée à l'article 37. Le Conseil d'Etat s'interroge donc sur la portée de cet ajout dans le texte de la loi qui ne devrait pouvoir en aucun cas dispenser l'employeur de justifier le caractère réel et sérieux des motifs à la base de la modification.“

Dat ass och grad dat wat meng Iwwerzeegung scho virdru war an och elo bleift. Och wann den Artikel net dra steet, spillt den Artikel 37. Ëm wat geet den Artikel 37? Eng „modification substantielle d'une clause essentielle du contrat en défaveur du salarié“. Wann de Loun erofgeet, spillt dat. Et muss den Artikel 37, d'Kënnegungsännerung, respektéiert ginn, wou natierlech, wann de Salarié et net akzeptéiert, gekënnegt ass. E kann dann usichen an da muss de Patron Motif-légitimen huelen, déi en awer och kann an dëst Gesetz siche goen. Dofir ass och fir mech dat heiten, déi Diskussioun iwwert den Artikel 12, nach wie vor juristesch de Stuerm am Waasserglas. Ech weess, dass d'Horesca dat aneschters verstanen oder aneschters dobaussen nach haut schreift a verkeeft. Si huet den Artikel 12 aneschters gelies wéi ech e gelies hunn. D'Gewerkschaften hunn en am Ufank ganz richteg gelies, well d'Gewerkschaften hu gesot, dat dote géif net wäit genuch goen. Si hätten eigentlech gär dat wat haut den Här Lux als Amendement op den Instanzewee bruecht huet.

***(Interruptions)***

Jo, also ech hunn en elo haut gelies, Här Lux.

Dofir, soen ech nach eng Kéier, verstinn ech déi Opreegung net, déi elo wéinst dem Artikel 12 kënnt, dass deen eran an erëm eraus geholl ginn ass, well ech mengen, dass et mat alle Saachen esou ass, dass ee ka seng Interpretatioun soen: De Riichter kann nach ëmmer eppes aneschters maachen an et kann een iwwert d'Nuancë streiden ob et dran oder eraus ass, mä et ass fir mech généralement kif-kif, „chou blanc“ a „blanc chou“, wéi emol eng Kéier ee sot. Dofir mengen ech, dass mer elo hei méi an e mediatiséierten ideologesche Kampf gerode sinn tëschent der Horesca an de Gewerkschaften. Woubäi ech nach eng Kéier soen, dass ech verstinn, dass d'Gewerkschafte sech och hei zu Wuert mellen. Et ka jo awer net aneschters sinn. Mä ech soen nach eng Kéier, dass mer hei näischt geschitt wann deen Artikel net dran ass.

Et ass effektiv een Ënnerscheed par rapport zu deem Amendement, deen den Här Lux elo wëllt erabréngen. Mä deen Artikel deen aviséiert ass vum Statsrot, mengen ech, mécht der Kaz kee Bockel, och wann en eraus ass.

Fazit: Véier Konklusioune wëll ech zéien.

Éischtens: Dat heiten ass eng grouss sozialpolitesch Avancée an deem dote Secteur an ech hoffen, dass déi Avancée dozou bäidréit dee Secteur och méi attraktiv ze maachen, fir dass mer och méi Leit vu Lëtzebuerg fannen, déi wëllen dohinner schaffe goen.

Zweetens: Mir mussen eis bewosst sinn, ech hunn dat schonn de Moie gesot, dass, och no der Mindestlounerhéijung, dat e Secteur ass wou kënnen d'Präisser och opgrond vun deem heite Gesetz an d'Luucht goen. Dat muss all Consommateur esou maachen. Ech soe just, wann ech an e Restaurant ginn, kucken ech net nëmmen ob d'lesse gutt ass, ech kucken och ob de Service gutt ass. Dat alles si Saachen, déi rondërem sinn. Ech mengen, wann ee gär gutt zerwéiert an och nach gutt Wuer kritt, da muss een och bereet sinn de Präis dofir ze bezuelen. Et wäerten och nach an Zukunft ëmmer Restaurante ginn déi versichen d'Präisser méi bëlleg ze maachen. Do huet jiddferee säi libre choix. Ech kenne souguer Restauranten, do ginn d'Leit nëmmen, haaptsächlech, well et deier ass. Mä dat muss een einfach esou loossen.

Drëtte Punkt: Mir wäerten och an Zukunft eng Pénurie de main-d'œuvre hunn. Ech hunn dofir scho Kontakter mat der Horesca opgeholl. Ech hat och versprach, dass mer dat géife maachen, nodeems mer dat heite Gesetz gestëmmt hunn. Mir wäerten elo versiche mat der ADEM fir d'éischt emol e Pool

ze maachen, Atelieren, wou mer d'Leit eraussichen. Well mer hu ronn 350 Leit, déi ageschriwwe sinn, dass se kéinten an dee Secteur schaffe goen. Vun deene kommen déi mannst ënnerdaach. Mir héieren och ëmmer vun de Restaurateuren, dass déi Leit awer net richteg wéilten an all Ursaach siche fir net ugestallt ze ginn. Mir wäerten do versiche méi effikass hei ze rekrutéieren. A wann dat näischt hëlleft, ass et fir mech absolut kloer a bewosst, dass mer dann ebe mussen aner Rekrutementsweeër aschloen. Och dofir, zu där Ausso stinn ech haut. Ech hu se virdru gemaach an ech maache se och hei nach eng Kéier op der Tribün. Ech stinn dozou.

Véierten a leschte Punkt: Dat ass deen, dass ech elo hoffen, dass doduerch, dass mer de Secteur e bëssche morceléiert hunn - déi eng sinn am Droit commun an déi aner an zwee verschiddenen anere Beräicher -, mer och elo vläicht Sozialdialog an deem Secteur kréien, wat mer bis elo net haten.

Et wier och gutt an deem Secteur, wann do Delegatioune wären - et gëtt der wuel -, déi géife fonctionnéieren, a wa mer do Kollektivverträg géife kréien. Mir hunn een eenzege Kollektivvertrag. Dat ass dee vun de Käch. Et weess awer keen, ob deen haut nach a Kraaft ass oder net. Et ass nach een ale FEP-Kontrakt. Soss gëtt et kee Kollektivvertrag an deem dote Secteur. Ech hoffen, an et ass e Wonsch, dass elo Sozialdialog entsteet. Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Gewerkschafte wäerte versichen, dee Sozialdialog och ze féieren. Ech hoffe weider, dass déi Leit vum Patronat, déi an deem Secteur schaffen, dat och ophuelen.

Da soen ech nach eppes Leschtes zum Artikel 12. Do hunn ech scho gesot, dass et fir mech e Stuerm am Waasserglas ass. Ech muss awer soen, ech sinn och berouegt, wann hei d'Horesca dëst Gesetz akzeptéiert an hëlleft, wat se bis elo iwwregens gemaach huet, d'Bestëmmunge bei hire Membere bekannt ze maachen. Mir hunn eng Enquête gemaach vun der ADEM iwwert den Emploi an deem Secteur. Et ass e Sondage, keng exhaustive Enquête. Do ass erauskomm, dass 46 Prozent vun deene Leit, déi interviewt goufen, näischt vun deem heite Projet de loi kennen. Et ass also extrem wichteg, dass mer hei an aller Rou, soubal d'Gesetz gestëmmt ass, d'Leit informéieren. Do kënnt der Horesca eng grouss Roll zou.

Ech sinn um Schluss vu menger Interventioun ukomm a soe merci, dass dëse Projet eng grouss Majoritéit schéngt ze fannen, well e vill Besserungen am Secteur bréngt. Ech wënschen Iech schéi Feierdeeg.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, däerf ech kuerz dem Här Minister eng Fro stellen?

***(Assentiment)***

Si mer eis eens, dass also am Horeca-Secteur Lounkënnegunge prinzipiell méiglech sinn op Grond vum Aarbechtsgesetz, wat jo ausgeschloss ass am Gesetz vun 1970 fir all déi aner Secteuren, wou Aarbechtszäitverkierzungen agetratt sinn. Kënne mer eis doranner eens ginn an heescht dat dann, dass den Här Schintgen vun der Horesca Recht huet, wann en dat a sengem Bréif, deen hien haut un eis geriicht huet, schreift?

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Wat den Här Schintgen schreift, dat weess ech net. Ech hunn dee Bréif virdrun eng Kéier gesinn, hunn en awer ni gelies.

Ech soen nach eng Kéier: Et ass alles eng Fro vun Interpretatioun. Et muss een och kucken, wat d'Gerichter maachen. Ech soen nach eng Kéier, dass, Artikel 12 eran oder eraus, dat fir mech datselwecht ass. Et kënnen Ännerunge kommen, mä si musse gemäss dem Droit commun geschéien iwwert den Artikel 37. Si mussen och do conforme sinn. Et ass och dat, wat de Statsrot schreift.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ass eng héich Louncharge e Motif légitime fir e Licenciement? Jo oder Neen?

M. le Président.- Här Urbany, Är Zäit ass ofgelaf. Dir kënnt net esou weider hei polemiséieren.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Dat war «noyer le poisson», wat de Minister gemaach huet, fir ëm d'Fro erëmzekommen. Hien huet esouguer portugisesch geschwat, fir ëm d'Fro erëmzekommen.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Ech hunn awer ganz roueg a fein elo eppes hei gefrot.

M. le Président.- Jo, ech hunn näischt do dergéint, awer jiddferee berifft sech herno dorop a seet: Deen an deen hat awer d'Wuert nach kritt, firwat kréien ech et dann net. Dir gesitt, et sinn elo schonn erëm aner Fangeren an der Luucht.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här President, wann Dir och elo géift den Här Urbany zur Uerdnung ruffen, wëll ech soen: Ech hunn him eng Äntwert ginn. Hie kann net hei behaapten, ech hätt mech laanscht d'Äntwert gedréckt. Ech hu ganz genee gesot, wat ech mengen, wat am Gesetz spillt. Dat kann awer de Riichter net beandrocken a virun allem, wat de Riichter herno op Grond vum Artikel 37 unhëlt, dat kann ech net ex cathedra soen, an do géif esouguer all Riichter mer soen, dass ech meng Kompetenzen iwwerschratt hätt.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi 4825A (par M. Jean Asselborn)***

Den Artikel 1 ass gelies an ugeholl.

***(Interruption et coups de cloche de la Présidence)***

Här Urbany, ech bieden Iech. Dir musst elo roueg sinn. De Minister huet Iech eng Äntwert ginn. Déi Äntwert gefält Iech vläicht net, mä dat ass eng aner Saach. De Fall ass ofschloss a mir stëmmen elo iwwert d'Gesetz 4825A of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 4825A et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet 4825A sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 36 Jo-Stëmmen a 17 Enthalungen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Marco Schank), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Théo Stendebach), Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling);*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mmes Mady Delvaux-Stehres, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mir maachen d'Lecture vum Projet de loi 4825B.

***Lecture du texte du projet de loi 4825B (par M. Jean Asselborn)***

Den Artikel 1 ass gelies.

Zum Artikel 1 huet den Här Jaerling een Amendement abruecht. Den Amendement, deen nëmmen eng Ënnerschréft dréit, gëtt nach ënnerstëtzt vun den Häre François Bausch, Camille Gira, Serge Urbany an der Madame Renée Wagener.

Den Här Jaerling freet d'Wuert nach.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech wëll der grénger Fraktioun an dem Här Urbany merci soen, dass se mer d'Méiglechkeet ginn, fir mäin Initiativrecht als Parlamentarier kënnen ze notzen.

M. le Président.- Mir stëmmen iwwert deen Amendement of.

***(Interruptions)***

***Vote***

Déi fir den Amendement sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement ass mat 41 Nee-Stëmmen, 2 Jo-Stëmmen an 11 Abstentioune verworf.

*Ont voté oui: M. Aly Jaerling;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Lucien Clement), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel (par M. Théo Stendebach), Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepp;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira et Mme Renée Wagener.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*M. Jean Colombera.*

Den Artikel 1 ass an där Teneur ugeholl, wéi se vun der Kommissioun proposéiert ginn ass.

Den Artikel 2 ass gelies an ugeholl.

Den Artikel 3 ass gelies. Do si mer erëm mat engem Amendement vum Här Jaerling befaasst. Deen Amendement, deen nëmmen eng Ënnerschréft dréit, gëtt nach ënnerschriwwe vun den Häre François Bausch, Camille Gira, Serge Urbany an der Madame Renée Wagener.

***Vote***

Déi fir den Amendement sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement zum Artikel 3 ass verworf mat 36 Nee-Stëmmen, 2 Jo-Stëmmen a 16 Abstentiounen.

*Ont voté oui: M. Aly Jaerling;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Clement), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel (par M. Théo Stendebach), Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen).*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*M. Jean Colombera;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.*

Den Artikel 3 ass ugeholl an där Form, wéi se vun der Kommissioun proposéiert ginn ass.

Den Artikel 4 ass gelies. Et läit erëm en Amendement vum Här Jaerling zum Artikel 4 vir. Deen Amendement, deen nëmmen eng Ënnerschréft dréit, gëtt nach ënnerschriwwe vun den Häre François Bausch, Camille Gira, Serge Urbany an der Madame Renée Wagener.

***Vote***

Déi fir den Amendement sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement zum Artikel 4 ass verworf mat 34 Nee-Stëmmen, 3 Jo-Stëmmen a 16 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera et Aly Jaerling;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Paul Helminger), Mme Agny Durdu, MM. Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Aly Jaerling;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, MM. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Lucien Clement), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel (par M. John Schummer), MM. Jeannot Belling (par M. Marco Schroell), Xavier Bettel (par M. Jean-Paul Rippinger), Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Paul Helminger), Mme Agny Durdu, MM. Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Claude Meisch), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen).*

*S'est abstenu: M. Jean Colombera.*

Domat ass den Artikel 10 ugeholl an där Form wéi d'Kommissioun e virschléit.

D'Artikelen 11 bis 15 si gelies an ugeholl.

Mir kommen dann och elo zum Amendement 5 vum Här Aly Jaerling iwwer en zousätzlechen Artikel 16.

***(Interruptions diverses)***

Mir stëmmen of iwwert dem Här Aly Jaerling säin Amendement.

***Vote***

Déi fir den Amendement si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

Den Amendement 5 ass mat 36 Nee-Stëmmen, 2 Jo-Stëmmen a 16 Abstentioune verworf.

*Ont voté oui: M. Aly Jaerling;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling (par M. Théo Stendebach), Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Jos Scheuer;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen).*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*M. Jean Colombera;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.*

Da komme mer zum Amendement 6 vum Här Jaerling. Dat ass en zousätzlechen Artikel 17.

***Vote***

Déi fir deen Amendement si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

Den Amendement 6 ass mat 35 Nee-Stëmmen, 2 Jo-Stëmmen a 16 Abstentioune verworf.

*Ont voté oui: M. Aly Jaerling;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mmes Marie-Josée Meyers-Frank, Ferny Nicklaus-Faber (par M. Nico Loes), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Lucien Clement), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. Marco Schroell), Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Jos Scheuer;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen).*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.*

Dir Dammen an Dir Hären, domat wier d'Lecture ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Gesetz selwer.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 4825B et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet de loi si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi 4825B ass mat 36 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen an 18 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel (par M. Paul Helminger), Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Claude Meisch), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen).*

*Ont voté non: M. Aly Jaerling;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Domadder wär dee Punkt ofgeschloss, a mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4927 iwwert d'Andreiwe vu Steieren an aneren Taxen innerhalb vun der Europäescher Unioun. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Agedroe si schonn déi Häre Krecké, Graas a Gibéryen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement.

***(Suite des débats de la 20e séance au Compte rendu n° 7)***


## Chambre des Députés

Compte rendu officiel

***Supplément commun aux quotidiens:***
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

***Contenu rédactionnel:***
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

***Conception, saisie de texte et mise en page:***
Polygraphic SA, Luxembourg

***Concept et coordination générale:***
media brain, agence en communication, Luxembourg


## Sommaire des séances publiques


5031 – Projet de loi relatif à la construction d'un bâtiment annexe pour le Lycée Technique du Centre à Luxembourg-Dommeldange pages 175-180

5007 – Projet de loi portant modification de la loi du 15 décembre 2000 sur les services postaux et les services financiers postaux pages 180-184

Communications page 185

Retrait du rôle d'un projet de loi page 185

Ordre du jour page 185

pages 187-188

Question urgente N° 1961 de M. Camille Gira relative au rapport intermédiaire général sur l'enquête de l'accident aérien du 6 novembre 2002 pages 185-186

Question avec débat N° 27 de M. Marc Zanussi sur les réseaux ferroviaires internationaux passant par le Grand-Duché de Luxembourg pages 186-187

**5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003 (suite)**

**Rapport complémentaire de la Commission des Finances et du Budget pages 188-189**

**Discussion générale pages 189-200**

**Lecture du texte du projet de loi page 200**

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel page 200**

**Motions pages 200-202**

Communication page 202

Ordre du jour page 202

5053 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

4995 - Proposition de loi de M. Lucien Lux portant modification de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum pages 202-211

4694 - Projet de loi portant

1. transposition de la directive 96/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 1996 concernant le détachement de travailleurs effectué dans le cadre d'une prestation de services;

2. réglementation du contrôle de l'application du droit du travail pages 211-213

Hommage à la mémoire de Monsieur Ernest Petry, député honoraire page 213

4917 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction par la Commune de Mamer d'un centre intégré pour personnes âgées à Mamer

4926 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction par la Commune de Mamer d'un centre intégré pour personnes âgées à Mamer

4923 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la transformation, la modernisation et l'extension de l'Institut St-Joseph à Betzdorf pages 213-217

Dépôt d'une proposition de loi page 217

4825A - Projet de loi portant approbation de la Convention internationale du Travail N°172 concernant les conditions de travail dans les hôtels, restaurants et établissements similaires, adoptée par la Conférence internationale du travail à Genève, le 25 juin 1991

4825B - Projet de loi portant 1. réglementation de la durée de travail des ouvriers, apprentis et stagiaires occupés dans l'hôtellerie et la restauration; 2. modification a) de l'article 6 de la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant réglementation du louage de service des employés privés, b) de l'article 5bis de la loi modifiée du 9 décembre 1970 portant réduction et réglementation de la durée de travail des ouvriers occupés dans les secteurs public et privé de l'économie et c) de l'article 1er de la loi modifiée du 26 février 1993 concernant le travail volontaire à temps partiel pages 217-231

Dépôt d'une proposition de loi page 224



Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber online op
www.chd.lu

# QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

**COMPTE RENDU N° 6 / 2002-2003**

## Sommaire des questions parlementaires


| Question N° | Auteur | Objet |
|---|---|---|
| 1868 | Gusty Graas | La protection des cours d'eau contre la pollution par des nitrates |
| 1881 | Robert Garcia | Organisation de la formation offerte aux chargés de cours de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire |
| 1882 | Robert Mehlen | Audit du Ministère des Travaux publics |
| 1886 | Aly Jaerling | Manifestation Greenpeace du 25 octobre 2002 |
| 1887 | Gast Gibéryen | Rénovation de l'ancienne maison "Croeff" dite maison "Mersch" |
| 1892 | Alex Bodry | Mise en garde publique concernant des visites touristiques en Thaïlande |
| 1893 | Aly Jaerling | Jeux de hasard |
| 1894 | Laurent Mosar | Capacité d'accueil actuelle du Centre pénitentiaire de Schrassig |
| 1895 | Aly Jaerling | Actes de vandalisme dans les trains |
| 1896 | Aly Jaerling | Pollution de l'air à Kehlen |
| 1899 | Jacques-Yves Henckes | Renouvellement de l'infrastructure informatique de la police grand-ducale |
| 1906 | Gusty Graas | Dérangement du repos nocturne par des routiers à Windhof |


Question 1868 (21.10.2002) de M. Gusty Graas *(DP)* concernant la protection des cours d'eau contre la pollution par des nitrates:

Il me revient par la voie de la presse (Lëtzebuerger Journal 19/20 octobre 2002, page 2) que la Commission européenne a formellement invité le Grand-Duché de Luxembourg à communiquer les mesures entreprises pour protéger les cours d'eau contre la pollution par des nitrates à partir de sources agricoles. Le Luxembourg a été condamné le 8 mars 2001 (affaire C-2000/266) par la Cour de Justice européenne afin de se conformer à la directive sur les nitrates (91/676/CEE). Apparemment les restrictions prises concernant l'épandage de fumier, lisier et fertilisants semblent être insuffisantes aux yeux de la Commission. A ce sujet j'aimerais poser les questions suivantes:

- Est-ce que M. le Ministre peut confirmer les assertions faites dans l'article en question?
- Dans l'affirmative, pourquoi notre pays n'a pas encore pris les mesures afférentes pour protéger nos cours d'eau adéquatement contre toute pollution par des nitrates?
- Est-ce que le règlement grand-ducal du 24 novembre 2000 concernant l'utilisation de fertilisants dans l'agriculture n'est pas une base légale suffisante pour se conformer aux normes européennes prescrites?
- Dans quel délai M. le Ministre entend-il donner satisfaction aux demandes de la Commission européenne?

Réponse (6.12.2002) de M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur:*

Il est exact qu'en date du 16 octobre 2002, la Commission européenne a adressé une lettre de mise en demeure au gouvernement luxembourgeois pour avoir manqué aux obligations qui lui incombent en vertu de la directive européenne sur les nitrates à partir des sources agricoles.

Dans ce contexte, il y a lieu de rappeler que les mesures afférentes prises pour protéger nos cours d'eau ainsi que les eaux souterraines contre la pollution par les nitrates ont été mises en œuvre par le règlement grand-ducal du 20 septembre 1994 concernant l'utilisation de fertilisants organiques dans l'agriculture, celui-ci ayant été abrogé et remplacé par le règlement grand-ducal du 24 novembre 2000 concernant l'utilisation de fertilisants dans l'agriculture. Or, la Commission est d'avis que les dispositions inscrites dans ce nouveau règlement ne sont pas de nature à répondre aux cinq griefs retenus contre le Grand-Duché de Luxembourg par la Cour de Justice dans son arrêt du 8 mars 2001 cité par l'honorable député.

Le premier grief concerne la prise en compte - jugée non-satisfaisante - des fertilisants chimiques, d'une part, pour un équilibre précis de la fertilisation azotée totale et, d'autre part, pour une distance de protection des cours d'eau. Surtout la dose admise de fertilisants pour les cultures de légumineuses, déjà fortement restreinte dans le règlement en question, a toujours été jugée trop excessive. Par ailleurs, la Commission européenne propose qu'une zone tampon en herbée et non fertilisée de 5 à 20 mètres soit prescrite le long des cours d'eau, notamment pour favoriser la rétention de l'azote.

Pour ce qui est du deuxième grief, qui se rapporte à l'épandage de fertilisants dans les terrains en forte pente, la Commission européenne précise que les limitations prévues dans le règlement susmentionné ne sont pas suffisantes dans la mesure que des restrictions concernant l'épandage d'engrais chimiques sur les terrains en forte pente font défaut.

S'agissant du troisième grief qui se rapporte à l'épandage de fertilisants sur des terrains enneigés de moins de 24 heures, les dispositions prisent dans le règlement ne donnent pas satisfaction à la Commission européenne qui estime que la disposition réglementaire qui vise l'interdiction d'épandage sur les sols enneigés notamment lorsque la capacité d'absorption des sols est dépassée, reste trop ambiguë.

Quant au quatrième grief, la Commission européenne regrette que le Luxembourg ne dispose pas d'un réseau de surveillance des eaux souterraines suffisamment dense notamment dans le Nord du pays où la charge spécifique en bétail est la plus élevée. De même, le réseau de surveillance des eaux de surface qui comprend dix stations d'échantillonnage sur les principaux cours d'eau n'a pas été jugé suffisant et assez homogène.

Enfin, la Commission européenne rappelle que le Luxembourg n'a pas encore réalisé les modélisations nécessaires pour évaluer l'impact des programmes d'action et la prévision d'évolutions futures des eaux, telles que formulées dans le cinquième grief.

Dans le but de trouver une solution aux problèmes prémentionnés - souvent très techniques, et même discutés de façon contradictoire au niveau scientifique - le Ministère de l'Intérieur procédera, ensemble avec le Ministère de l'Agriculture, aux adaptations réglementaires dans un délai de six mois et ceci après concertation avec les experts de la Commission européenne.

Question 1881 (31.10.2002) de M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)* concernant l'organisation de la formation offerte aux chargés de cours de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire:

Suite à la loi du 25 juillet 2002 portant e.a. fixation des modalités d'une formation offerte aux chargés de cours de l'éducation préscolaire ou de l'enseignement primaire, un avis à l'intention des chargés de cours a été publié par voie de presse le 5 octobre 2002 leur demandant d'introduire leur demande accompagnée d'un dossier exhaustif jusqu'au 21 octobre 2002 au plus tard.

- Comment se fait-il que l'avis invitant les chargés de cours à introduire leur demande d'admission pour la formation ait été publié même avant que le règlement grand-ducal (daté du 7 octobre) n'ait été publié au Mémorial (le 15 octobre 2002)?

- Mme la Ministre juge-t-elle le délai de deux semaines pour introduire une demande avec dossier à l'appui suffisant compte tenu des nombreux certificats et attestations exigés dont l'obtention ne dépend pas exclusivement des personnes intéressées mais en premier lieu des bureaux d'administrations diverses?
Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 14.02.2001

Rapporteur: M. Patrick Santer

Travaux de la Commission juridique (Président: M. Laurent Mosar):

| | |
|---|---|
| 25.04.2001 | Désignation du rapporteur |
| 27.11.2002 | Présentation du projet de loi |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 12.12.2002 | Présentation et adoption d'un projet de rapport commun sur les trois projets de loi 4768, 4794 et 4903 |

Vote en séance publique: 19.12.2002

## 4897 - Projet de loi

### modifiant

**1° la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale**

**2° le code des assurances sociales**

**3° la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat**

Le projet de loi modifie la loi du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale, telle qu'elle a été modifiée dans la suite.

L'objet des modifications apportées à cette loi-cadre est d'y introduire la non-limitation des emplois des différentes carrières. Techniquement cette opération se réalise par la suppression des nombres limites des emplois des différentes carrières, à l'instar de ce qui est prévu par toutes les lois récentes régissant la même matière. La non-limitation des emplois permet d'adapter dans des délais plus appropriés les effectifs des administrations et services en fonction de leurs besoins. Ainsi la mesure proposée par le projet de loi devrait contribuer à renforcer l'efficacité et la qualité des services administratifs dans le secteur de la sécurité sociale.

Il importe de noter que la non-limitation des emplois ne signifie pas que les services concernés seraient libres d'engager du nouveau personnel sans aucune contrainte. Le numerus clausus annuel, permettant au Gouvernement de fixer pour le recrutement de nouveaux agents les priorités qui lui paraissent utiles, restera incontournable. Ce sera donc en définitive la loi budgétaire annuelle qui décidera, sous le contrôle de la Chambre des Députés, des extensions futures des cadres des services visés par le texte sous examen.

Dépôt par M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, le 08.01.2002

Rapporteur: M. Alexandre Krieps

Travaux de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale (Président: M. Niki Bettendorf):

| | |
|---|---|
| 25.02.2002 | Désignation du rapporteur |
| 11.11.2002 | Présentation du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 11.12.2002 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 19.12.2002

projets de loi 4768, 4794 et 4903

Vote en séance publique: 19.12.2002

## 4903 - Projet de loi

**portant approbation du Protocole établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relatif au champ d'application du blanchiment de revenus dans la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes et à l'inclusion du numéro d'immatriculation du moyen de transport dans la Convention, signé à Bruxelles, le 12 mars 1999**

Le projet de loi 4903 prévoit l'approbation parlementaire du Protocole (K.3), signé à Bruxelles, le 12 mars 1999, concernant le champ d'application du blanchiment de revenus dans la Convention de Bruxelles du 26 juillet 1995 précité et l'inclusion du numéro d'immatriculation du moyen de transport dans cette convention.

La convention en question prévoit, entre autres, un échange d'informations sur le blanchiment d'argent lié aux infractions en matière de trafic de stupéfiants. Comme la Convention K.3 sur l'assistance mutuelle et la coopération entre les administrations douanières, signée à Bruxelles le 18 décembre 1997, prévoit une définition beaucoup plus large couvrant également le blanchiment d'argent dans le cas d'infractions douanières et communautaires, il s'agit d'aligner sur ce point la convention de 1995 sur celle de 1997.

Par ailleurs, comme le règlement du 13 mars 1997 relatif à l'assistance mutuelle entre les autorités administratives des Etats membres de l'Union européenne et à la collaboration entre celles-ci et la Commission européenne en vue d'assurer la bonne application des réglementations douanière et agricole vise, entre autres, parmi les données à caractère personnel, le numéro d'immatriculation du moyen de transport, tandis que la convention de 1995 ne le mentionne pas, il s'agit d'aligner sur ce point la convention de 1995 sur ledit règlement.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 18.01.2002

Rapporteur: M. Patrick Santer

Travaux de la Commission juridique (Président: M. Laurent Mosar):

| | |
|---|---|
| 27.11.2002 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation du projet de loi |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 12.12.2002 | Présentation et adoption d'un projet de rapport commun sur les trois projets de loi 4768, 4794 et 4903 |

Vote en séance publique: 19.12.2002

## 4933 - Projet de loi

**modifiant la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire**

Au cours de la dernière décennie, l'environnement international a changé. Les Etats-Unis ne sont plus disposés à assumer la même responsabilité que par le passé sur le continent européen et l'Union européenne a décidé de se doter d'une Force d'Intervention Rapide, comprenant 60.000 personnes capables de réaliser l'ensemble des missions de Petersberg, dont entre autres les missions de maintien de la paix.

Si le Luxembourg veut continuer de s'acquitter de ses obligations au niveau de l'OTAN et de l'Union européenne, une participation à part entière aux opérations de paix européennes est indispensable. Or, il existe une baisse d'intérêt chez les jeunes Luxembourgeois pour s'engager comme soldat volontaire. Comme la population du Luxembourg est à plus de 35% étrangère et que la composition des contingents internationaux se fait suivant une clé de répartition démographique ne tenant pas compte des différentes nationalités présentes sur un territoire d'un Etat membre, le Gouvernement prévoit une ouverture de l'armée aux citoyens communautaires.

Le présent projet de loi a pour objet de modifier la loi modifiée du 23 juillet 1952 sur l'organisation militaire et permet surtout l'ouverture du service militaire luxembourgeois aux ressortissants des autres Etats membres de l'Union européenne, à condition qu'ils résident au moins depuis 36 mois au Luxembourg.

Une autre disposition prévoit que le candidat-soldat, qu'il soit Luxembourgeois ou ressortissant communautaire, doit être âgé de 17 ans au moins. Le mineur d'âge a besoin du consentement de ses parents et ne peut pas participer à des opérations de combat.

Enfin, dans la liste des carrières réservées exclusivement aux volontaires de l'armée, la carrière du préposé forestier de l'administration des eaux et forêts est remplacée par celle du cantonnier de cette même administration.

Dépôt par M. Charles Goerens, Ministre de la Défense, le 29.03.2002

Rapporteur: M. Jean-Paul Rippinger

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense (Président: M. Paul Helminger):

| | |
|---|---|
| 10.06.2002 | Désignation du rapporteur |
| | Examen du projet de loi |
| 15.07.2002 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 12.11.2002 | Présentation de l'amendement gouvernemental |
| 11.12.2002 | Analyse et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 19.12.2002

## 4961 - Projet de loi

**portant approbation de l'amendement à la Convention d'Espoo sur l'évaluation de l'impact sur l'environnement dans un contexte transfrontière, adopté à la deuxième réunion des Parties à la Convention à Sofia, le 27 février 2001**

La Convention a eu un retentissement considérable sur le droit international de l'environnement et a

favorisé l'évaluation de l'impact sur l'environnement dans la région de la CEE/ONU et au niveau mondial, ce qui s'est traduit par:

a) la promotion de l'évaluation de l'impact sur l'environnement en tant qu'instrument international efficace pour la protection de l'environnement à l'appui d'un développement durable;

b) le renforcement de la coopération internationale, qui a permis de prévenir et d'atténuer les impacts préjudiciables sur l'environnement aux niveaux transfrontière et national;

c) l'application généralisée de la règle selon laquelle les facteurs environnementaux doivent être pris pleinement en considération dès les premiers stades du processus décisionnel concernant les projets spécifiques;

d) l'adoption, par les États membres de la CEE/ONU et la Communauté européenne, de lois donnant effet aux prescriptions de la Convention;

e) la prise de conscience par la communauté internationale de l'importance de l'évaluation de l'impact sur l'environnement, dont témoigne le principe 17 de la Déclaration de Rio sur l'environnement et le développement adoptée en 1992, un an après l'adoption de la Convention;

f) la reconnaissance de la Convention au niveau mondial, notamment par la Commission du droit international, comme un instrument novateur qui consacre les principes de l'évaluation de l'impact sur l'environnement;

g) l'utilisation du texte de la Convention comme précédent pour l'élaboration d'autres instruments environnementaux, aux niveaux tant régional que mondial.

L'amendement de Sofia permet :

- d'une part de renforcer le dialogue objectif avec le public à travers une participation généralisée au processus de prise de décision

- d'autre part d'accroître le potentiel d'application de la Convention, en élargissant le processus de ratification à des pays non membres de la CEE/ONU

La Convention est relayée au niveau communautaire par la directive 85/337/CEE concernant l'évaluation des incidences de certains projets publics et privés sur l'environnement, telle que modifiée par la directive 97/11/CE.

La réglementation communautaire distingue parmi les projets qui sont soumis d'office à une évaluation et les projets qui sont soumis à une évaluation sur la base d'un examen cas par cas et/ou sur la base de seuils ou critères.

A part la loi d'approbation du 29 juillet 1993, les principes directeurs de la Convention et partant de la réglementation communautaire sont reprises dans la législation luxembourgeoise et tout particulièrement dans la loi du 10 juin 1999 relative aux établissements classés.

En vue d'assurer une transposition fidèle de la réglementation communautaire et de combler le vide juridique en la matière, le Gouvernement a lancé des initiatives législatives à savoir :

- le projet de loi n° 4863 modifiant

a) la loi du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

b) la loi modifiée du 27 novembre 1980 ayant pour objet la création d'une administration de l'environnement lequel est accompagné d'un projet de règlement grand-ducal portant transposition des directives CE afférentes;

- le projet de loi n° 4787 portant

a) transposition en droit national de la directive 92/43/CEE du Conseil, du 21 mai 1992, concernant la conservation des habitats ainsi que de la faune et de la flore sauvages et de la directive 79/409/CEE du Conseil du 2 avril 1979, concernant la conservation des oiseaux sauvages

b) modification de la loi modifiée du 11 août 1982 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles

lequel précise les dispositions afférentes en la matière.

Finalement, le Gouvernement a décidé de faire élaborer une loi spéciale unique, transposant la réglementation communautaire pour ce qui est des infrastructures suivantes : projets de voiries normales et projets d'autoroutes, projets de routes communales, projets d'aménagement aéroportuaires et d'infrastructures ferroviaires et des tramways.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur,
le 27.05.2002

Rapporteur: M. Gusty Graas

Travaux de la Commission de l'Environnement (Président: M. Emile Calmes):

| | |
|---|---|
| 19.11.2002 | Désignation du rapporteur |
| | Présentation du projet de loi |
| 09.01.2003 | Examen et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 30.01.2003

## 5004 - Projet de loi

**ayant pour objet d'autoriser le Gouvernement à subventionner l'exécution d'un septième programme quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique**

Le présent projet de loi a pour objet d'autoriser le Gouvernement à subventionner l'exécution d'un septième programme quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique. Ledit programme couvrira la période du 1er janvier 2003 au 31 décembre 2007. L'enveloppe financière sera de 37,5 millions euros.

Le projet de loi innove dans la mesure où il créera un fonds spécial pour la promotion touristique. Ce fonds sera destiné à financer les participations de l'Etat allouées dans l'intérêt de la réalisation d'investissements éligibles à l'obtention d'une aide de l'Etat.

Dépôt par M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement, le 05.08.2002

Rapporteur:
M. Claude Wiseler

Travaux de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement (Président: M. Ady Jung):

| | |
|---|---|
| 09.01.2003 | Désignation du rapporteur |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 23.01.2003 | Examen et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 30.01.2003

## 5016 - Projet de loi

**autorisant l'acquisition d'un immeuble administratif situé à Luxembourg, route d'Esch**

Depuis quelques années, le Gouvernement est obligé de faire face à la problématique du logement adéquat de certains services et administrations de l'Etat. A l'heure actuelle, la problématique se caractérise surtout par une multiplicité d'adresses louées, le coût budgétaire des loyers et la dépendance des fluctuations du marché immobilier. Le projet de loi sous rubrique est destiné à autoriser le Gouvernement à acquérir un immeuble administratif situé à Luxembourg, 207-211, route d'Esch.

La Commission des Loyers consulte régulièrement le marché immobilier en portant une attention particulière aux objets pour lesquels les propriétaires sont prêts à envisager une vente en accordant une option d'acquisition au locataire. Pour le contrat de bail concernant l'immeuble décrit ci-dessus, une telle option d'acquisition au bénéfice de l'Etat pendant les trois premières années à partir de l'entrée en vigueur du contrat de bail a pu être négociée.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 23.08.2002

Rapporteur:
M. Lucien Clement

Travaux de la Commission des Finances et du Budget (Président: M. Lucien Weiler):

| | |
|---|---|
| 24.10.2002 | Désignation d'un rapporteur |
| 18.11.2002 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 16.12.2002 | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 18.12.2002

## 5021 - Projet de loi portant

**- création d'un Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance;**

**- modification de la loi modifiée du 25 février 1967 ayant pour objet diverses mesures en faveur de personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant**

Ce projet de loi a un double objet: d'une part, la création d'un Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance assurant la pérennité de la mémoire de la Résistance et, d'autre part, le remplacement du Conseil National de la Résistance par un Comité directeur pour le Souvenir de la Résistance, nouvelle structure représentative des différentes organisations de la Résistance.

Dépôt par M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, le 30.08.2002

Rapporteur:
M. Paul-Henri Meyers

Travaux de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle (Président: M. Paul-Henri Meyers):

| | |
|---|---|
| 13.11.2002 | Désignation d'un rapporteur |
| 04.12.2002 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 13.12.2002 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique:19.12.2002

## 5037 - Projet de loi

**portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières**

Ce projet, qui vise à habiliter, jusqu'au 31 décembre 2003, le pouvoir exécutif à prendre en cas d'urgence des règlements d'administration publique, même dérogatoires à des dispositions légales existantes, ayant pour objet des mesures d'ordre économique et financier, s'inscrit dans la lignée des lois d'habilitation qui, depuis 1946, ont été adoptées chaque année.

Dépôt par M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, le 15.10.2002

Rapportrice:
Mme Agny Durdu

Travaux de la Commission juridique (Président:
M. Laurent Mosar):

| | |
|---|---|
| 27.11.2002 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 09.12.2002 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 19.12.2002

## 5052 - Projet de loi

**portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2001**

Au terme de l'article 225 alinéa 4 du CAS "le Gouvernement examine tous les deux ans s'il y a lieu de procéder ou non à la révision du facteur d'ajustement par la voie législative, compte tenu des ressources et de l'évolution du niveau moyen des salaires et traitements. A ce sujet il soumet à la Chambre des Députés un rapport accompagné, le cas échéant, d'un projet de loi."

Le dernier ajustement est intervenu par la loi du 22 décembre 2000 qui a adapté les pensions et rentes accident au niveau de vie de l'année 1999 avec effet au 1er janvier 2001. Conformément au texte légal ci-dessus cité, le moment est donc à présent venu pour examiner si un nouvel ajustement doit être opéré au niveau de vie de l'année 2001 à partir du 1er janvier 2003.

Selon le rapport annexé au projet l'indicateur mesurant l'évolution des salaires fait ressortir une progression de 3,5% entre 1999 et 2001. En conséquence, le projet de loi propose le relèvement des pensions et rentes accident de 3,5%, ceci par le biais d'une augmentation correspondante du facteur d'ajustement.

Dépôt par M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale,
le 19.11.2002

Rapporteur:
M. Niki Bettendorf

Travaux de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale (Président:
M. Niki Bettendorf):

| | |
|---|---|
| 27.11.2002 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation et examen du projet de loi |
| 11.12.2002 | Examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| 12.12.2002 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique:19.12.2002

Chamber online: www.chd.lu

## Ordre du jour (suite)

**7.** 4927 - Projet de loi concernant l'assistance mutuelle en matière de recouvrement dans la Communauté européenne des créances relatives à certains impôts, cotisations, droits, taxes et autres mesures

*(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

**8.** 5016 - Projet de loi autorisant l'acquisition d'un immeuble administratif situé à Luxembourg, route d'Esch

*(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

**9.** 5033 - Projet de loi concernant les organismes de placement collectif et modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

*(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Henri Grethen et François Biltgen, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

***(Suite des débats de la 20e séance du Compte rendu n° 6)***

## 7. 4927 - Projet de loi concernant l'assistance mutuelle en matière de recouvrement dans la Communauté européenne des créances relatives à certains impôts, cotisations, droits, taxes et autres mesures

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzprojet 4927, deen der Chamber haut zum Vote virläit, bezitt sech op de Recouvrement vu steierleche Créancen an der Europäescher Gemeinschaft. Ech maachen eng kuerz Zesummefaassung vun de parlamentareschen Aarbechten.

De Finanzminister huet de Projet ausgeschafft an huet en den 19. Mäerz 2002 an der Chamber déposéiert. D'Chambre des Employés privés an d'Chambre de Travail hunn de Projet de loi aviséiert. Dem Statsrot säin Avis ass vum 18. Juni 2002. D'Regierung selwer huet de Projet de 9. Juli nach eng Kéier amendéiert. D'Finanz- a Budgetskommissioun huet sech insgesamt véiermol mam Projet beschäftegt. An dësem Kontext huet se selwer nach verschidden Amendementer proposéiert, déi de 25. Oktober un de Statsrot geschéckt goufen. Den zweeten Avis complémentaire vum Conseil d'Etat ass vum 26. November vun dësem Joer. Während der Sëtzung vum 16. Dezember 2002 huet d'Kommissioun de schréftleche Rapport guttgeheescht.

Wat ass elo den Inhalt vun dësem Gesetz? Am Steierrecht gëtt et e fundamentale Prinzip. Dat ass d'Territorialitéit vun de fiskalesche Gesetzer. Dëse Prinzip bréngt mat sech, dass de Stat seng Steieren net automatesch am Ausland andréiwe kann. Wann de Stat eng Geriichtsprozedur am Ausland lancéiere géif, da géif dës Prozedur juristesch als irrecevabel, dat heescht, als onzoulässeg erklärt ginn.

Fir Steieren am Ausland recouvréieren ze kënnen, ass de Stat op déi international Hëllef ugewisen. Dës international Hëllef spillt op administrativem Niveau. Se baséiert op de Prinzipië vun der Réciprocitéit an am géigesäitege Vertrauen tëschent den Autoritéiten. Dës Hëllef setzt awer och viraus, dass ee sech kloer prozedural Regele gëtt, déi de Gesetzgeber selbstverständlech dann och esou definéiere muss.

Am Moment bestinn eng Partie vu Konventiounen, déi dës international Hëllef reglementéieren. Et gëtt eng multilateral Konventioun um Niveau vum Benelux. Et ginn och bilateral Konventioune vu Lëtzebuerg mat de Länner Frankräich, Däitschland, Dänemark, Finnland a Schweden.

Op communautärem Niveau ass d'Hëllef beim Recouvrement schonn zënter 1978 obligatoresch, an dat um Niveau vun de Prélèvements agricoles an den Droits de douane. De Referenztext hei ass d'Direktiv 76/308/CE vum 15. Mäerz 1976. No an no ass de Champ d'application méi breet ginn, an d'TVA an d'Accise si leider bäikomm. E weidere wichtegen Text ass d'Direktiv 2001/44/CE vum 15. Juni 2001, déi d'Direktiv, déi ech elo grad ugeschwat hu vun 1976, amendéiert. D'Direktiv vun 2001 fousst op folgender Feststellung:

De grenziwwerschreidende Bedruch am Beräich vun der Fiskalitéit floréiert, wann ee keng effikass Recouvrementsaccorden huet oder wann där keng besteet. Ech zitéieren den Exposé des motifs vun der europäescher Kommissioun: „Le recouvrement des créances est un élément essentiel de la lutte contre cette menace que représente la fraude. Sans méthode efficace de collecte et de recouvrement il est vain d'instituer et de contrôler les droits de douane et les taxes. Le fait que les sommes passées en fraude puissent échapper à la compétence de l'administration nationale compromet le succès des poursuites qui seraient engagées. L'absence d'accord de recouvrement efficace encourage par conséquent la fraude transfrontalière. Les mesures nationales et même la coopération entre administrations sur la base d'accords bilatéraux ne sauraient suffir pour relever ces défis. Les accords existants en matière d'assistance mutuelle présentent trop de lacunes pour faire face à ces défis, les deux secteurs les plus préoccupants sur la TVA et la fiscalité directe".

Ech kommen elo op d'Grondiddie vun der Direktiv, déi de Conseil zréckbehalen huet.

Éischtens gëtt de Champ d'application matériel vun der internationaler Recouvrementshëllef weider ausgedehnt, wéi zum Beispill op d'Akommessteier an op d'Vermëigenssteier. Zweetens ginn d'Forme vun der Hëllef ënner anerem adaptéiert. Drëttens ginn d'Coopératiounsprozedure renforcéiert.

Am Moment ass e Prozess géint d'Direktiv 2001/44 virun der Cour de Justice des Communautés européennes unhänglech. Déi Europäesch Kommissioun huet dëst Geriicht befaasst, well se net averstanen ass mat der Base juridique, déi de Conseil zréckbehalen huet. Trotz dësem Geriichtsprozess sinn d'Memberstate forcéiert, fir hir Direktiv an hir national Gesetzgebung ze transposéieren.

D'Date-limite fir dës Transpositioun war den 1. Juli 2002, dat heescht, dat Gesetz huet schonn eng relativ grouss Drénglechkeet.

Här President, de Projet de loi gesäit vir, de koordinéierten Text vun der Direktiv an d'Lëtzebuerger Recht ze transposéieren. Firwat ass d'Regierung mat op dëse Wee gaangen? Den Haaptgrond ass d'Tatsaach, datt d'Basisdirektiv an déi Direktiven, déi duerno komm sinn, op eng net homogen Aart a Weis transposéiert gi sinn. An anere Wierder hu mir verschidden Texter, déi net deeselwechten hierarcheschen Niveau hunn. Konkret sinn dat dräi Gesetzer an dräi Règlements grand-ducaux.

Elei stelle sech onweigerlech Problemer um Niveau vun der Transparenz, wéi och vun der Rechtssécherheet. Fir dëser Situatioun en Enn ze maachen, proposéiert d'Regierung een eenzege Gesetzestext, dee sech jo op all déi zoustänneg Autoritéiten an op eng uniform Aart a Weis applizéiert. Den Detail gëtt duerch een oder méi Règlements grand-ducaux geregelt.

Wat steet elo konkret am Gesetzesprojet? De Projet applizéiert sech fir all Créance vum Lëtzebuerger Stad an de Beräicher vun der Akommessteier, der Vermëigenssteier, der TVA, den Accisen um Tubak, um Alkohol, um Uelech, Mineraluelech, de Steieren op den Assurancen, esou wéi um Droit à l'importation et à l'exportation. Déi zoustänneg Lëtzebuerger Autoritéite sinn d'Steierverwaltung, den Enregistrement, d'Douane an de Landwirtschaftsministère.

Et gëtt een Ënnerscheed gemaach tëschent dräi Forme vun Assistance mutuelle: d'Demande de renseignement, d'Demande de modification an d'Demande de recouvrement. Weiderhi gi ganz detailléiert Konditiounen, ënnert deenen esou eng Hëllef méiglech ass, duerch dëst Gesetz fixéiert.

Zum Schluss nach e puer Wierder zu den Avisen. Déi zwou Chamberen, déi de Projet aviséiert hunn, hu sech allenzwou mam Projet averstanen erkläert. De Statsrot approuvéiert och dëse Projet. E lueft ganz besonnesch d'Qualitéit vun den Analysen an den Erklärungen um Niveau vum Exposé des motifs. Hien deelt och d'Approche, fir d'Matière vun engem eenzege Gesetzestext ze reglementéieren.

Schlussendlech insistéiert de Statsrot drop, datt d'Bestëmmunge vum Secret professionnel respektéiert musse ginn. An der Praxis sollen déi concernéiert Verwaltungen eng gemeinsam a kohärent Linn verfollegen, esou datt de Prinzip vun der Egalité des citoyens devant la loi respektéiert ka ginn.

Ech hoffen, Här President, dass dëse Gesetzesprojet eng breet Zoustëmmung elei an der Chamber kritt. Ech géif och am Numm vun der CSV-Fraktioun den Accord dozou ginn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten huet den Här Jeannot Krecké d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, net nëmmen dass d'Zäit scho fortgeschrëtt ass, mä och well mir mat deem Projet vun Ufank u mat d'accord waren a kee Problem an der Kommissioun haten, kann ech hei den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, mir soen dem Rapporteur villmools merci fir säi Rapport, a well en och esou ausféierlech dee Rapport hei virgedroen huet, ass eis Fraktioun och d'accord fir dee Projet ze stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci Här President. Och vun eiser Säit wëll ech mech mengen zwee Virriedner uschléissen, andeem ech dem Rapporteur merci soe fir seng detailléiert Explikatiounen a säi Rapport, a vun eiser Säit och d'Zoustëmmung bréngen.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Den Här Minister Luc Frieden kritt elo d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, ech profitéieren dann dovun, fir dem Rapporteur Lucien Clement, am Numm vun der Regierung, merci ze soen, well et ass jo net d'Längt...

***(Brouhaha général)***

...vun den Débaten déi oft d'Wichtegkeet vu Projete beweist, an dofir soll een also och net dat ënnerschätzen, wat hei vun Aarbecht vun der Finanzkommissioun an dem Rapporteur gemaach ginn ass, dofir merci vun der Regierung aus. Mä bei esouvill Eestëmmegkeet an der Chamber wëll ech déi net duerch meng Aussoen duerchernee maachen, an dofir sinn ech frou dass dëse Projet schéngt eestëmmeg gestëmmt ze ginn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Mir kommen dann zu der Lecture vun den Artikelen.

***(Interruptions)***

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech wollt nach ganz kuerz eppes nom Här Minister soen, wann Der wëllt, Här President.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Jo.

***(Hilarité)***

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Laacht net. Et ass esou, datt beim Projet mäi Kolleeg, den Här Gibéryen, lech jo den Accord bruecht huet, mä ech wollt profitéiere vun dem Fait, datt de Budgetsminister do ass, fir drop hinzeweisen, datt mer bei deem Gebai wou mir elo déi Optioun kafen, datt mir do Loyer...

***(Hilarité générale)***

Une voix.- Dir sidd am falsche Film!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Et ass gutt, et ass gutt. Ech hunn näischt gesot.

***(Brouhaha et Hilarité)***

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen dann elo zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4927 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 23 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4927.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 57 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Lucien Clement), Ady Jung, Nico Loes, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jean-Paul Rippinger), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Théo Stendebach), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydie Err), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

An da komme mir elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5016 iwwert de Kaf vun engem Verwaltungsgebai op der Escher Strooss. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et sinn ageschriwwen déi Häre Bodry, Stendebach, Henckes a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement.

## 8. 5016 - Projet de loi autorisant l'acquisition d'un immeuble administratif situé à Luxembourg, route d'Esch

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir

Dammen an Dir Hären, säit enger Rei vu Joren ass et fir d'Regierung ëmmer méi schwiereg adequat Gebaier ze fannen, fir déi verschidde staatlech Administratiounen a Servicer ënner Dag ze kréien.

Fir dësem Problem Meeschter ze ginn, lount de Stat dann och eng Partie Gebaier op verschiddenen Adressen, dat mat sech bréngt, datt vill Servicer sou bësselchen iwwert d'ganz Stad verspreet sinn.

Et sief an dësem Kontext drun erënnert, datt d'Commission des loyers Ufanks de 70er Joren eng Strategie verfollegt huet, fir d'Verwaltungen net zevill an der Stad ze verdeelen, mä éischter op dräi Kären oder Zentren ze limitéieren. Et waren dat zu engem Deel de Regierungsvéierel, de Boulevard Royal, d'Beaumonts Gaass, esou wéi de Garer Quartier mam Rousegäertchen an der Garer Plaz.

Mat de Jore konnt awer dës Strategie net méi bäibehale ginn, an d'Commission des loyers huet no an no misse verschidde Gebaier lounen, déi urspréinglech awer als Wunnraum geduecht waren. Et huet sech schnell erausgestallt, datt dës Gebaier och duerch hiert baulecht Konzept de reellen Erfuerdernissen net entsprach hunn. Dës Konditiounen hunn d'Aarbechten an dësen Administratiounen an an dëse Servicen net méi einfach gemaach.

An den achtzeger Jore sinn dunn ëmmer méi Banken an Assurancen op d'Finanzplaz Lëtzebuerg komm, déi sech gréisstendeels de Stadkär vu Lëtzebuerg als Siège ausgesicht hunn. D'Präisser um Boulevard Royal esou wéi an der neier Avenue sinn zolitt an d'Luucht gaangen.

D'Verwaltungen hunn doropshi missen aner Gebaier bezéien, well d'Regierung eben net onbedéngt nach e Beitrag zu dëser Surchauffe vun de Präisser leeschte wollt. Och dës Gebaier ware meeschtens onfonctionnel, also net esou aménagéiert, wéi ee sech dat fir e modernt Bürosgebai hätt kënne virstellen. An den nonzeger Joren huet sech d'Problematik dunn nach eng Kéier verschäerft, well d'Verwaltungen ëmmer méi duerch d'Haaptstad verspreet goufen, och well e rapiden Zouwuess vun der Bevölkerung selbstverständlech dann och en Zouwuess vun de Verwaltunge mat sech bruecht huet. Haut beméit sech d'Commission des loyers, fir Gebaier aus ze maachen, déi nei sinn, déi modern sinn an déi och en Opkaf duerch de Stat zu engem spéideren Zäitpunkt erlaben, wat och der staatlecher Strategie a puncto Gebaier oder Bürosflächen entsprécht.

***(M. Jean Asselborn prend la Présidence)***

Am Kontext vum Gesetzestext 4883, iwwert d'Acquisitioun vun dräi Gebaier um Kierchbierg, hat d'Regierung ugekënnegt, dass nach weider Projeten op den Instanzewee kéimen. De Projet 5016, dee mir haut zur Ofstëmmung virleien hunn, autoriséiert de Stat e Gebai ze kafen, dat sech op de Nummeren 207 bis 211 op der Escher Strooss hei an der Stad befënnt. D'Regierung huet dëst Gebai säit kuerzem gelount an de Contrat de bail enthält eng Dispositioun, déi et der Regierung erlaabt, d'Gebai ze kafen. Dëse Kaf muss allerdéngs bannent deenen nächsten dräi Joer geschéien.

D'Gebai op der Escher Strooss weist eng Rei vu Virdeeler op. Et ass en neit Gebai an d'Architektur erlaabt et, fir verschidde Servicer an dësem Gebai ënnerzebréngen. Doriwwer eraus läit d'Gebai op enger Haaptachs vun der Stad, no un den öffentleche Verkéiersmëttelen an och no bei anere staatleche Verwaltungen.

De Contrat de bail gesäit e jährleche Loyer vun 1,5 Milliounen Euro vir, fir eng Gesamtsurface vu 4.400 m², déi op sechs Etagë verdeelt sinn, vu 452 m² Archiven a vun 49 Parkplazen. De Bail, deen och eng Kënnegungsklausel huet, leeft iwwer véier an en halleft Joer. De Gesetzestext gëtt der Regierung d'Méiglechkeet, fir dat Gebai zu engem hir convenablen Zäitpunkt ze kafen. De Stat kann esou senge Verwaltungen déi Infrastrukture ginn, déi se brauchen, an déi fir hir Aarbecht onerlässlech sinn. De Kaf drängt sech ëmsou méi op am Kontext vun deem dach relativ héije Loyerspräis.

De Budgetskredit, fir den Ukafspräis, 18,5 Milliounen Euro kascht dat Haus, ze bloquéieren, ass e Crédit non limitatif et sans distinction d'exercice, deen et der Regierung erlaabt, d'Gebai zu engem fir si opportunen Zäitpunkt ze kafen.

Fir de Rapport komplett ze maachen, wëll ech nach preziséieren, dass de Budgetsminister Luc Frieden de Projet de 17. September 2002 hei an der Chamber déposéiert huet. De Statsrot huet den 8. Oktober e positiven Avis zu dësem Projet ofginn. An der Sëtzung vun der Finanzkommissioun vum 24. Oktober ass dann och de Rapporteur désignéiert ginn, an an der Sëtzung vum 19. November ass den Text vum Gesetz, esou wéi den Avis vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl ginn. Last but not least ass de schréftleche Rapport an der Sëtzung vum 16. Dezember analyséiert an ugeholl ginn.

Ech hoffen, ech konnt lech déi noutwenneg Erklärungen zu dësem Projet ginn. Ech schléisse mäi Rapport mam Accord vun der CSV-Fraktioun of. Ech recommandéiere selbstverständlech der Chamber, fir dëse Projet ze stëmmen. Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Den éischten Diskussiounsriedner ass den Här Bodry. Den Här Bodry huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wa meng Fraktioun wäert deen heite Gesetzesprojet stëmmen, ass et awer esou, dass sech eng Rei vu méi prinzipielle Froe mat dem Vote vun deem heiten Text verbannen, op déi ech och wëll hei e bësse méi am Detail agoen.

U sech handelt et sech jo hei einfach ëm en Autorisatiounsgesetz, wou d'Regierung also vun der Chamber autoriséiert gëtt, fir en administratiivt Gebai, an der Escher Strooss hei an der Stad geleeën, an der Grenz vun 18,5 Milliounen Euro kafen ze goen. Dat Gebai ass fir de Moment a Locatioun vum Stat, e Bail, deen op 4,5 Joer festgeluegt ginn ass an déi Kafoptioun, déi de Stat huet, besteet während deenen éischten dräi Joer vun deem Bail do. Esouwäit, esou gutt.

Allerdéngs stelle sech bei dësem Projet zwou Froen haaptsächlech. Froen, déi mat Landesplanung ze dinn hunn, a Froen, déi mam Finanzéierungsmodus ze dinn hunn. Wat de Problem vun der Landesplanung ugeet, esou géif ech hei gären dat nach eng Kéier rappeléieren, wat mir och schonn hei am Juni ervirgehuewen hate bei engem ähnleche Projet de loi, wou et drëm gaangen ass, fir en neit Verwaltungsgebai um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg ze kafen. Et stellt sech d'Fro, ob d'Regierung e globaalt Konzept huet, wéi staatlech Servicer sollen hei am Land organiséiert ginn, wéi ee wëllt dezentraliséieren hei zu Lëtzebuerg a wéi een och der Regionaliséierung vu staatlecher Säit méi konkret Konture gëtt.

Ech wëll drun erënneren, dass zënter 1999, dat sinn elo knapp véier Joer hier, eng éischt Etüd virläit, déi déi viregt Regierung nach an Optrag ginn hat, fir e Konzept vun Dezentraliséierung vun den öffentleche Servicer hei zu Lëtzebuerg op d'Been ze kréien. Ech stelle mir d'Fro, wat dës Regierung an deem dote Beräich ënnerholl huet. Wat ass mat där Viretüd geschitt? Ech kann net erkennen, dass iergendwéi un deem doten Dossier geschafft ginn wär, dass probéiert gi wär, fir eng kohärent Approche sech ze ginn als Regierung, wat den Emplacement vun neien administrative Servicer ugeet, respektiv wat d'Organisatioun vun eenzelne staatlechen Déngschtstellen ugeet am Sënn vun enger méi grousser Noperschaft zum Bierger, am Sënn och fir eng gewëssen Dekonzentréierung vun de staatleche Servicer hei zu Lëtzebuerg ze realiséieren, wou déi grouss Mass nach ëmmer um Territoire vun der Haaptstad konzentréiert ass.

Et stellt sech also eng Fro, wéi ee kohärent wëllt déi staatlech Déngschtstellen iwwert d'Land organiséieren. Da stellt sech och eng Fro innerhalb vun der Stad Lëtzebuerg, wéi een an der Haaptstad wëllt eng gewësse Kohärenz an d'Lokaliséierung vun den administrative Servicer vum Stat erabréngen. Ech muss feststellen: Och dëse Projet de loi gëtt hei keng eenzeg Indicatioun an eng aner Richtung. Ech muss feststellen, dass et an deem dote Punkt zwar eenzel Décisioune vun der Regierung gëtt, fir eenzel staatlech Stellen ausserhalb vun der Stad Lëtzebuerg unzesiedelen, mä ech erkennen awer keng allgemeng Démarche, fir no rationelle Kritären ze probéiere sech also a puncto Dezentraliséierung e kloert Konzept, fir eng laangfristeg Period ze ginn.

Eng zweet Form vu Bemierkung, déi ee muss maachen, dat ass de Finanzéierungsmodus, deen hei gewielt ginn ass vun der Regierung, wou hei e Projet vun ëmmerhin 18,5 Milliounen Euro, dat si 740 Millioune gutt al Lëtzebuerger Frang, einfach soll iwwer eng Ligne budgétaire vum Finanzministère ofgeweckelt ginn. Dëse Kaf, wann e sech da mécht, soll also net lafen iwwert d'staatlech Investitiounsfongen - mir hu jo e Fong fir administrativ Gebaier, dee gëtt hei net erugezunn -, mä eng einfach Ligne budgétaire am Budget en capital vum Stat.

Da muss ee sech natierlech d'Fro stellen, ob eigentlech déi Ligne budgétaire genügend dotéiert ass, fir esou Akeef kënnen ze tätegen. Ech kucken a meng Budgetsdokumenter fir 2002, do sti fënnef Milliounen Euro an där Ligne budgétaire dran, a fir 2003, siehe da, sinn et sechs Milliounen Euro, déi virgesi ginn, a wou etlech Projete sollen iwwert déi Ligne budgétaire ofgeweckelt ginn. Deen heite Projet eleng géif, wann d'Regierung d'Optioun zitt, also mat 18,5 Milliounen Euro zu Buch schloen.

Ech wëll drun erënneren, dass mir viru sechs Méint, den 12. Juni dëst Joer, e Projet gestëmmt hunn hei an der Chamber, wou d'Regierung ermächtegt ginn ass, fir dräi administrativ Gebaier um Kierchbierg ze kafen. Gesamtkäschtepunkt vun deem Projet: 43 Milliounen Euro, dat sinn 1,72 Milliarde gutt al Lëtzebuerger Frang. Och deen dote Projet soll ofgeweckelt ginn iwwert déiselwecht Ligne budgétaire, déi also fir 2002 dotéiert war mat fënnef Milliounen Euro, a fir 2003 dotéiert ass mat sechs Milliounen Euro. An ech si sécher, dass och nach eng Rei vu klengere Projeten, déi net hei an d'Chamber kommen, och sollen iwwert déi dote Ligne budgétaire ofgeweckelt ginn.

Elo handelt et sech dobäi ëm e Crédit non limitatif sans distinction d'exercice. Dat ass schéin a gutt.

Et kann ee selbstverständlech och systematesch dohinner goen an Ausgaben ënnerschätzen, an dann am Laf vum Joer iwwer Dépassementer dann däitlech méi Ausgaben tätegen, wéi d'Chamber eigentlech d'Autorisatioun dozou ginn huet. Dat kann ee selbstverständlech maachen, dat kann een zumools an Zäite vun Héichkonjunktur maachen, wou d'Statskeese mat Plus-valuë gutt gefëllt sinn an a Milliardenhéicht operéiert gëtt, wou een da kann ouni gréisser Schwieregkeeten esou Operatiounen duerchféieren.

Elo mengen ech awer, dass zumools och dës Debatten iwwert de Budget dëst Joer hei an der Chamber gewisen hunn, dass sech d'Zäite geännert hunn. Dass mir och hei zu Lëtzebuerg net méi a wirtschaftleche Boomzäite sinn, mä dass mir zumindest - ech drécke mech virsiichteg aus - an Zäite vu wirtschaftlecher Stagnatioun sinn, mat deene Répercussiounen, déi dat selbstverständlech och op d'Statsfinanzen, op den Equiliber vum Statsbudget huet.

Ech stelle mer also hei, am Numm vu menger Fraktioun, d'Fro, wéi dat do soll an Zukunft gehandhaabt ginn. Wann ee gesäit wat d'Vergaangenheet bei deene fette Jore war, da stellen ech mir d'Fro, wéi ee kann dohinner goen, an e Budget hei an der Chamber presentéieren, deen d'Majoritéit jo dann och stëmmt, wou een dach awer bei esou wichtege Lignes budgétaires weess, dass een eigentlech déi falsch Zuele vu vir eran asetzt. Dat werft fir mech e relativ schwaarzt Liicht op de Prinzip vun der Wourecht bei der Opstellung vum Budget, wéi och op de Prinzip vun der Rigueur bei der Ausféierung vu Budgetsprinzipien, déi d'Regierung awer, an hire Rieden zumindest, ëmmer gären héich hält, a wou ee gemierkt huet, dass sech an der Vergaangenheet, zumindest op deem heite Punkt, net dorunner gehale ginn ass.

Ech wëll dofir och e puer Zuelen hei ufëieren, wat d'Exekutioun vun deenen dote Lignes budgétaires vun deene leschte Joren ugeet. 1999 stoungen am deemolege Budget, wéi d'Chamber e votéiert huet, 150 Millioune Lëtzebuerger Frang; schlussendlech huet d'Regierung der 375 Milliounen ausginn, dat ass plus 150% par rapport zum initiale Budget. Et sollt awer nach besser kommen. Am Joer 2000 stoungen am votéierte Budget 3,72 Milliounen Euro, d'Regierung huet - haalt lech un - 19,88 Milliounen Euro ausginn; dat ass en Dépassement vu 540%. Am Joer 2001 - dat sinn déi lescht Zuelen iwwert déi ech verfügen, de Minister huet vläicht d'Zuelen och scho fir 2002 esou wäit virleien - stounge jiddefalls an deenen dote Lignes budgétaires fir Ausgabe 4 Milliounen Euro zur Verfügung, et sinn awer 32,47 Milliounen Euro ausgi ginn; dat ass e Rekord-Dépassement vun 810%.

Dat doten ass e Posten deen all Kéiers bei alle Rapporten, vun der Chambre des Comptes fréier, a vun der Cour des Comptes haut, kritiséiert gëtt, well eigentlech systematesch falsch Zuelen am Budget stinn, e systematesch vun der Regierung ënnerschat gëtt an da schlussendlech systematesch vun der Regierung dépasséiert gëtt.

Mir sinn der Meenung, dass déi dote Praxis an Zukunft net méi kann esou duerchgefouert ginn, et sief et kann ee gläichzäiteg op enger anerer Plaz Ausgabe spueren, respektiv et weess een, dass ee Mehreinnahmen huet, déi virdrun nach net am Budget drastoungen, a wou een also da kann den Equiliber garantéieren.

Wat och net gutt ass, ass ganz kloer, dass déi grouss Akeef hei, déi de Stat mécht, dass déi eigentlech an der Programmation pluriannuelle vun der Regierung a kengem Dokument erëmzefanne sinn. Si sinn an de Fongen net dran, a si si schlussendlech och a kengem aneren Dokument mat dran.

Ech sinn der Meenung dass vun der Chamber votéiert Projeten, ob dat Projete sinn déi iwwer Fongen ofgewéckelt ginn oder iwwer aner Artikele vum Budget - dat spillt jo keng Roll -, wann ee wëllt eng Planifikatioun maachen, muss ee se iwwer all déi Elementer do maachen. E Bauprojet ass e Bauprojet, wann d'Chamber hiren Accord gëtt, muss een dach ee vun der Chamber approuvéierte Bauprojet, dee mat enger substanzieller Dépense verbonnen ass, wou d'Constitution virschreift, datt eng Loi spéciale muss votéiert ginn, an der Programmation pluriannuelle erëmfannen, déi d'Regierung, déi de Stat mécht. Dat ass technesch parfaitement méiglech, an et ass politesch mengen och néideg. Wann een en Iwwerbléck iwwert déi zukünfteg Engagementer vum Stat wëllt behalen, da muss een all Engagementer vum Stat an där Programmatioun erëmfannen, an et ass och néideg wann d'Chamber wéilt hir Kontrollfonctioun ausüben, dass se dann och iwwer sämtlech Donnéeë verfügt an net nëmmen deelweis.

M. le Président.- Här Bodry, erlaabt Dir eng Zwëschefro vum Här Bettendorf?

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Näischt léiwer wéi dat, Här President?

***(Brouhaha général)***

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Ech wollt dem Här Bodry just soen, ech war och laang an enger Gemeng täteg, a wann een zum Beispill als Gemengepapp oder als Gemengemamm oder als Regierung op eng Stee goe muss, wou een en Objet ze kafe kritt, e gudde Projet, da kann et jo awer net sinn, dass dat an enger pluriannueller Virausschau iergendwéi festgehalen ass. Déi Stee, déi ass iwwermuer, an da muss ee kënnen eng Décisioun huelen. Dat kann net esou sinn, datt een no engem Plang op fënnef, sechs, siwe Joer viraus ka soen: Dat do musse mir virausgesi fir ze kafen. Dat kann net sinn. Do muss ee méi flexibel bleiwen; dat ass an de Gemengen esou, an dat ass beim Stat esou.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här Bettendorf, wann Dir mir nogelauschtert hätt, dann hätt Dir déi dote Fro net bräichten ze stellen. Ech hu ganz kloer präziséiert dass et sech hei net ëm Steeën handelt.

Deen heite Projet, iwwert dee mir haut ofstëmmen, an Héicht vun 18,5 Milliounen Euro, dee Projet de loi deen dës Chamber ofgestëmmt huet viru sechs Méint an Héicht vun 43 Milliounen Euro, dat huet näischt mat enger Urgence ze dinn, dat huet näischt mat engem schnelle Reagéieremussen ze dinn, fir iergendwéi op enger Stee musse kënnen als Stat aktiv ze ginn.

Dat hei si Projeten, dat hunn ech preziséiert, déi votéiert gi si vun der Chamber, wou eng Loi spéciale muss virleien no eiser Verfassung, fir dass se iwwerhaapt kënnen duerchgefouert ginn. Déi Projeten do, déi muss een an enger Programmation pluriannuelle erëmfannen, soss ass et onméiglech eng Planung ze maachen.

Et bréngt eis jo näischt, wa mer méi bëlleg Projeten an de Fongen erëmfannen, well déi zoufälleg iwwert d'Fonge lafen. Wann déck Projete kënnen niewendrun iwwert den normale Budget ofgewéckelt ginn - an dat si jo awer trotzdeem Engagementer déi sou ferme si wéi déi Engagementer déi d'Regierung hëlt iwwert déi Projeten, déi iwwert d'Fonge lafen -, da muss een déi also kënnen hei an enger Programmation pluriannuelle, déi wëllt komplett sinn, erëmfannen. Ech betounen nach eng

Kéier: Et ass technesch méiglech, a politesch wär et wënschenswäert.

Sou dass ech also mengen, dass mir hei an enger Situatioun si wou mer esou e fragilen Equiliber, och vun eisem Statsbudget 2002, a wahrscheinlech och 2003, wäerte kennen, sou dass een also net méi ka mat därselwechter Liichtegkeet iwwer Dépassementer fir gréisser Zomme fueren, wéi dat vläicht déi lescht Jore méiglech war, mä dass et also eng Rei vu wirtschaftlechen a finanzpoliteschen Zwäng gëtt, déi et néideg maachen, dass d'Regierung an deenen dote Punkte méi Fouss bei Mol hält, wéi dat virdrun de Fall war.

Hei ass jo momentan dat Gebai a Locatioun geholl; d'Regierung huet hei just eng Optioun, fir also an deenen nächsten dräi Joer - dovunner wäert schonn e Joer elo ofgelaf sinn -, déi Optioun also kënnen ze zéien.

Mir wäerten dee Projet hei stëmmen, mä mat deem ausdréckleche Virbehalt, dass d'Regierung sech et zweemol muss iwwerleeën, an eréischt op Grond vun der zukünfteger Entwécklung vun eiser Wirtschafts- a Finanzsituatioun kann dohinner goen, an hei en Dépassement autoriséieren. Mir sinn an enger Situatioun, mengen ech, wou een d'Regierung muss kënne mam Wuert huelen, wa se vu Rigueur a Virsiicht bei der Ausféierung vum Budget schwätzt. Mir verlaangen, dass d'Regierung sech un déi Wierder hält, déi se hei d'lescht Woch an der Chamber beim Vote vum Budget deklaréiert huet. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. D'Wuert huet den Här Stendebach.

M. Théo Stendebach *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn op dëser Plaz schonns e puermol op d'Feele vun de Raimlechkeete fir eis Statsverwaltung higewisen. Spéitstens bei der Diskussioun vum Gesetz 4883, iwwert d'Acquisitioun vun dräi administrative Gebaier um Kierchbierg, konnt ee sech méi genee mat dësem Thema auserneesetzen.

Jorelaang ass sech beklot ginn, dass de Stat net genuch eegen, an zum Deel och net genug gëeegent Büroraimlechkeeten zur Verfügung hätt. Dat wat ee ka soen ass, datt ënnert dëser Regierung awer elo seriös Efforte gemaach ginn, fir d'Situatioun ze verbesseren.

Mir wësse jo, dass d'Statsservicer op ongeféier 115 verschiddenen Adresse verspreet sinn. Loune goen heescht och, datt ee sech de Contraintë vun engem Contrat de bail ënnerwerfe muss. Zum Beispill muss en Deel vun der Steierverwaltung vum 31. Dezember 2004 un an nei Raimlechkeete plënneren, well de Contrat de bail ofleeft. A wann ee lount kann ee seng Raimlechkeeten net esou aménagéieren, wéi dat seng Usprëch verlaangen.

Doniewent kënnt, datt de Stat héich Zomme vu Locatioune muss bezuelen. Dofir ass déi positiv Entwécklung, déi elo agesat huet, fir verstäerkt eegent Kapital ze schafen, nëmmen ze begréissen. Kierzlech krute mir d'Pläng fir en neit Verwaltungsgebai an der Hollerecher Strooss virgestallt. Da kommen ech och nach eng Kéier op…

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, mä et ass elo op Äis geluegt.

M. Théo Stendebach *(DP)*.- Lauschtert no, Mme Wagener, dat kënnt jo nach hei hannendrun.

Da kommen ech och nach eng Kéier op dat aalt Postgebai an der Hollerecher Strooss ze schwätzen, wou de Budgetsminister jo op eng Question parlementaire vum Gusty Graas vum 28. Juni 2001 geäntwert hat, dass d'Regierung géing préifen, ob een op dëser Plaz och een neit Verwaltungsgebai opriichte kënnt.

D'Motivatioun vun den Ugestellten, net nëmme beim Stat, ass jo och zu engem gudden Deel ofhängeg vum direkten Aarbechtsëmfeld, an dozou gehéieren d'Bürosraimlechkeeten. Ee Grond méi, fir also esou wäit wéi méiglech Propriétaire vu Gebailechkeeten ze ginn. Selbstverständlech ass dat, besonnesch um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg, net esou evident. Doniewent sinn d'Präisser jo och net ëmmer sozial.

Mat dësem Projet verloosse mir jo vläicht den traditionelle Wee. De Stat huet sech jo am Kontrakt d'Méiglechkeet ausgehalen, bannen dräi Joer vum Locataire zum Propriétaire ze ginn. Dat huet de Virdeel, dass een déi Acquisitioun gegebenenfalls zu enger Zäit ka maachen, wou déi budgetär Mëttelen dat besser erlaben. Am schlëmmste Fall kann een och ganz op déi Acquisitioun verzichten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gebai läit jo bekanntlech an der Escher Strooss. Zu Recht gëtt am Rapport drop higewisen, dass dëse Site eng gutt Ubannung un den öffentlechen Transport erméiglecht. D'Gare vun Hollerech an de städteschen Autobusdéngscht droen dozou bäi.

Eng Remarque muss ech zu dësem Site maachen. E läit jo an der direkter Proximitéit vun der Zone industrielle et commerciale vun der Cloche d'or, déi sech an deene leschte Joren immens entwéckelt huet, an och nach weider entwéckele wäert. Dat huet de Verkéiersproblem natierlech net méi kleng gemaach. Fir an dësem Beräich am Dag eng Parkplaz ze fannen, ass net einfach. Dofir ass et gutt, dass 49 Parkplazen aménagéiert ginn. Et solle jo och Servicer an dëst Gebai kommen, wéi zum Beispill de Service de renseignement, deen u sech net vill Visiteuren unzéie wäert. Dat bréngt mech dozou, nach ofschléissend e puer Reflexiounen iwwert d'Dezentraliséierung ze maachen.

Mir musse schonn d'Chance notzen, fir deen een oder anere Statsservice aus der Haaptstad ofzezéien. Wann dat Gebai elo fräigestallt gëtt fir de Stat, erhoffen ech mir, dass dann an der Stad Lëtzebuerg, wou Gebailechkeeten eidel ginn, erëm Wunnenge kënnen dra kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur Lucien Clement nach merci soe fir säi Rapport. D'DP kann dësem Projet de loi jiddefalls nëmmen zoustëmmen, well en dozou bäidréit, dass besser Konditioune fir eise Statsapparat geschafe ginn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Stendebach. Ech géif dann den Här Henckes froen, ob en seng Interventioun vu virdrun nach wëllt complétéieren?

***(Assentiment)***

D'Wuert huet den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, ech mengen, ech si mat lech d'accord, dass et vläicht besser gewiescht wär, mir hätten eng Suspension de séance gemaach, fir och alle Kolleegen et ze erlaben, d'Debatten ze verfollegen, anstatt dass een hei muss an aller Eil versichen, fir séier ee Bréitchen z'iessen. Da kommen heiansdo esou kleng Verwiesselunge vir. Ech entschëllege mech, dass ech domadder e bëssel che Perturbatioun bruecht hunn.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Ech wollt zum Projet de loi e puer Wuert soen. Notamment, wann een d'Chiffre kuckt, déi hei an dem Projet virleien, an dofir ass et gutt, wann den Zoufall et wëllt, dass mir haut de Budgetsminister hei hunn.

Mir hunn 18,5 Milliounen Euro virgesi fir de Prix d'achat. De Loyer vum Gebai mécht 1,5 Milliounen Euro d'Joer aus. Wann ech dat e bësse vergläichen, da fannen ech, dass, op Basis vun deem investéierte Kapital, e Loyer bezuelt gëtt, dee ronn 8% ausmécht. Op där anerer Säit hu mir ons Sue placéiert, Här Trésorminister, zu engem Taux, dee garantéiert wäit ënnert der Halschent läit, esou dass et also opportun wär fir déi Optioun, déi mir anscheinend ënnerschriwwen hunn, esou séier wéi méiglech ze exercéieren.

Ech wollt froen, wéi déi Optioun libelléiert ass. Ass et eng Optioun mat engem fixe Präis, oder ass et just nëmmen eng Option d'achat? De Rapporteur ka mir dat vläicht preziséieren.

***(Interruption)***

Ech hunn dat Gesetz gelies, an et steet do „prix d'acquisition". Ech huelen u „pour un prix maximum de…". Wann et eng Option d'achat wär, hätt normalerweis missen e prezise Präis drastoen. Vläicht kann de Präis nach no ënne reduzéiert ginn, mä wann de Präis de maximale Präis ass, da gesäit een, dass de Loyer op jidde Fall vill ze vill héich ass. Dat bekräftegt just nëmmen dat, wat ech hei gesot hunn.

Deen anere Punkt, deen ee muss ervirsträichen, dat ass, dass et gutt wär, wann d'Regierung géing bekannt ginn, wéi se elo wëllt an Zukunft hir Servicer regruppéieren oder net. Ech mengen, et ass absolut berechtegt, dass déi administrativ Servicer an der Stad hir Plaz hunn, mat eventuell verschiddenen Antennen uechtert d'Land, mä et ass awer och wichteg, dass een esou vill wéi méiglech déi administrativ Servicer konzentréiert, well ganz vill Leit wëllen eng Administratioun an nach een anere Service deeselwechten Dag oder déiselwecht Zäit an Anspruch huelen, an dann ass et besser, dass déi Leit dat kënnen zu Fouss maachen, anstatt dass se sech musse mam öffentlechen Transport oder mam Auto ploen, fir vun enger Administratioun bei déi aner ze kommen.

Dat gesot, wollt ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

M. le Président.- Den Här Bausch wëllt net méi intervenéieren. An deem Fall huet den Här Minister Luc Frieden d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, ech hunn näischt z'iesse kritt, well ech kontinuéierlech geschafft hunn. Ech hat elo just während enger Sekonn versicht ee Maufel z'iessen, mä ech gesinn, dass mir dat net geléngt. Dir musst also weider mat engem dënne Budgetsminister lech offannen.

***(Interruption)***

De Budget ass geschwënn wéi de Minister.

Ech wollt e puer Observatioune maachen, e puer Äntwerte ginn op déi Froen, déi mir gestallt gi sinn. Ech sinn net Landesplanungsminister, kann also dofir net komplett déi éischt Observatioun vum Kolleeg Alex Bodry beäntwerten. Ech géing just wëlle soen, dass, ouni dass vläicht honnertprozenteg festgeluegt objektiv Critèrë bestinn iwwert d'Lokalisatioun vun de staatleche Servicer, mir an der Regierung gesot hunn, dass déi technesch Servicer, déi net direkt Regierungsservicer sinn, de préférence sollen ausserhalb vum Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg lokaliséiert ginn. An dëst Gebai kommen eng ganz Rei vu Servicer, déi méi direkt mat der Regierung zesummenhänken, voire Servicer, wou d'Leit aus dem Land higinn. Do bleift et, dass eng zentral Stell am Land méi einfach ass fir d'Leit, wéi wann déi ausserhalb vun der Haaptstad lokaliséiert ass.

Mir haten zum Beispill d'Diskussioun: Wann ech mäi Ministère huelen an de Justizministère iwwert de Registre de Commerce, do sinn der, déi gesot hunn: Kommt mir lokaliséieren dat iergendwou am Süden. Do hunn anerer gesot, déi méi aus dem Norden oder dem Zentrum sinn: Dat gëtt e Problem mam Accès. Also muss een de Critère vum Accès ëmmer berücksichtegen. Insofern eng Rei Servicer an Zukunft iwwer Internet wäerte goen, gëtt déi Fro manner wichteg a kann ee méi dezentraliséieren. Déi technesch Servicer ginn am Prinzip dezentraliséiert.

Déi zweet Fro vum Här Bodry war déi iwwer de Finanzement. Vläicht well Chrëschtdag esou no ass, sinn ech haut exceptionell mam Här Bodry op ville Punkten d'accord. De Chiffer, deen am Budget steet fir d'Acquisitioun vun Immeublen, ass traditionell iwwerschratt ginn. Leider hat den Här Bodry keng Chifferen hei aus der Legislaturperiod 1994-1999, an d'Zäit ass esou fortgeschratt, dass ech mengen, dass meng Beamten och net méi do wären, fir déi kënnen ze froen. An deem éischte Joer, wou ech an der Regierung war, hate mir dee Punkt och schonn.

***(Interruption)***

Ech wollt just soen, dass et eng Konstanz doranner gëtt, an déi huet eng ganz gutt Ursaach. Ech erklären lech firwat.

Et weess een tatsächlech net an deem Moment, wou een de Budget mécht, wat fir eng Gebaier ee während dem Joer keeft.

Dat ass deen éischte Punkt. Den zweete Punkt ass, datt et och en fonction vun de Recettë ganz kloer ass, datt een eng Rei Acquisitiounen net mécht. Dofir ass et net weider erstaunlech, datt mer an deene leschte Jore wou d'Recetten héich waren, wa gutt Opportunitéiten do ware fir Bürosgebaier ze kafen, da gesot hunn: Mä vu datt mer et kënne maachen a vu datt d'Loyeren héich sinn, hu mer besser mer kafen, a vu datt dat an de finanzielle Méiglechkeete vum Stat läit, hunn ech dann als Budgetsminister en Dépassement de crédit op deem Kredit accordéiert.

An Zukunft wäert ech dat net méi an deem Ausmooss maachen. Et schéngt fir mech ganz kloer, datt wann déi Situatioun vun de Steierrecettë sech net verbessert, datt mir an deem nächste Joer oder an deenen nächste Jore keng nei Gebaier weder méi wäerte bauen nach kafen. Et sinn der och déi mengen, d'Loyere géife souwisou an deene nächsten zwee, dräi Joer um Bürosmarché substanziell falen. Ech weess dat net, ech si keen Expär an där Matière. Dat hänkt jo e bëssen dovun of wat op der Finanzplaz geschitt. Dat hänkt awer och domat zesummen, datt duerch den Elargissement nei Nofro no Büroe kënnt. Dofir ginn déi eng an déi aner Theese vertrueden, mä et ass net d'Intentioun vun der Regierung fir elo dat, wat mer dëst Joer e puermol gemaach hunn, d'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer weider ze féieren. Mir wëllen elo emol d'Situatioun vum Marché immobilier observéieren an dann erëm méi lounen, esou wéi meng Virgänger ëmmer quasi ausschliesslech gelount hunn.

Iwwert de Fong vun administrative Gebaier kënne mer dat natierlech net finanzéieren, well dat sinn nëmme Suen déi fir Bauprojete sinn, an an de Pluriannuel kann een et natierlech net aschreiwen. Ech muss lech soen, wéi mir am Summer de Compromis ënnerschriwwen hunn, hate mer d'Intentioun dat nach dëst Joer ze kafen. Da kann ech dat also net an de Pluriannuel schreiwen, an ech kann och elo net an de Pluriannuel schreiwen e Projet vun engem Gebai, dee mer vläicht eréischt an zwee oder dräi Joer kafen, an dat ass den Ënnerscheed, mengen ech, zu engem Bauprojet, deen eng Virlafzäit huet, wou een e Plang ausschafft an dat dann am Pluriannuel muss virgesinn.

***(Interruptions)***

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dee Projet ass e votéiert Gesetz an ech mengen, e votéiert Gesetz ass net eng einfach Indikatioun, dat ass méi bannend wéi muench anere Projet, deen elo an de Fongen drasteet, wou d'Chamber sech nach guer net dozou geäussert huet.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Dat ass richteg. D'Fro ass just, wa mer dat zum Beispill géingen dëst Joer nach kafen, da kënnte mer et net an de Pluriannuel vum nächste Joer hisetzen, an am Juli oder am August ass eréischt dee Compromis ënnerschriwwe ginn. Da konnt et och nach net am Budget vun dësem Joer stoen. Et kann een net alles virausgesinn. Dat muss ee maachen, wann d'Opportunitéit do ass.

Ech ka mech gutt erënneren, wéi eng Kéier de President vum Comité d'acquisition komm ass a gesot huet: Mir siche Büroen an elo fanne mer op der Escher Strooss e Gebai, dat sech géif fir eng ganz Rei Servicer prêtéieren, dofir proposéieren ech, datt d'Regierung dat dote soll kafen. A vu datt et e Montant ass, deen eng Gesetzesbasis erfuerdert, si mer dunn op dee Wee gaangen. Wéi gesot, dat muss ee kucken à la lumière vun de Recetten.

Ech mengen, datt den Här Henckes Recht huet, datt dat hei stolz Loyere sinn. Et ass och dofir firwat mer déi Option d'achat ausgehandelt hunn, an insofern d'Finanzlag et erlaabt, hu mer och wëlles déi Option d'achat ze realiséieren. Mä wéi gesot, fir d'Zukunft wëlle mer virun allem erëm lounen, wéinst der Steiersituatioun a well mer de Marché immobilier elo emol wëllen e bëssen observéieren.

Dat waren déi puer Prezisiounen, déi ech nach dozou wollt ginn an ech wär da frou, wann d'Chamber dee Projet géif stëmmen, an ech soen dem Rapporteur, dem Lucien Clement, och hei nach eng Kéier villmools merci fir déi Aarbecht, déi en hei gemaach huet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zu der Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5016 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 5016.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Patrick Santer), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M.*

*Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jeannot Belling (par M. Théo Stendebach), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Paul Helminger), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach);*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Ben Fayot) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen).*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira*), *Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5033 iwwert d'Organismes de placement collectif.

Dem Rapporteur stinn 20 Minutte Riedezäit zur Verfügung. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt, an agedroe sinn déi Häre Krecké, Rippinger, Henckes an Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

## 9. 5033 - Projet de loi concernant les organismes de placement collectif et modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diversifikatioun vun der Lëtzebuerger Wirtschaft ass e Begréff, deen a leschter Zäit dacks esou gefall ass. Wann dës Diversifikatioun schonn amgaangen ass an nach en ustriewend Zil bleift, wäerten an däerfe mer net déi aktuell Lokomotive vun der Lëtzebuerger Ekonomie vernoléissegen. Op där enger Säit muss d'Finanzplaz sech weider entwéckelen, an op där anerer Säit muss et op der Finanzplaz selwer zu enger Diversifikatioun kommen. An dës zwee Voleten, dat heescht d'Weiderentwécklung an d'intern Diversifikatioun vun der Finanzplaz, sinn an dësem Projet de loi verbonnen.

Ech kënnt mech natierlech, Här President, beschränken ze soen, et wär en technesche Projet an et wär e gudde Projet fir d'Finanzplaz, well en esou technesch ass. Ech kënnt nach dobäi fügen, e wär desto besser fir d'Finanzplaz, well e méi technesch ass a well en nach dobäi laang ass; et si bal 140 Artikelen. Et ass net d'Technicitéit vun der Matière, déi et méicht, ob en Text gutt ass oder net. Et ass de Wëllen, de Finanzsecteur mat engem sengen Entwécklungsméiglechkeeten ugepasste kohärente legislative Kader ze versinn, deen eenzeg an eleng wichteg ass. Et bréngt et net, vill iwwert d'Finanzplaz ze schwätzen oder ze jéimeren ouni eppes ze maachen oder wéinegstens eppes ze proposéieren, an do sinn d'Acteure vun der Finanzplaz wéi d'Politik gefuerdert. Déi eng mussen ëmmer méi attraktiv Produiten hire Clienten ubidde kënnen, déi aner musse suergen, datt de legislativen a réglementäre Kader op der Héicht ass.

D'Banque d'émission de lettres de gage, Transfert de propriétés à titre de garantie an d'Circulation des titres et autres instruments fongibles sinn e puer rezent Beispiller vun enger moderner, der Finanzplaz würdeger Législatioun. D'Titrisatioun an eng nei Reglementatioun vun der Fiducie stinn nach virun der Dier. An dësem Kontext ass och dëse Projet de loi ze gesinn.

Et geet ëm eng nei Reglementatioun vun den Organismes de placement collectif, déi néideg gouf, well mer zwou Direktive vum 21. Januar 2002 ëmzesetzen hunn. Mir wieren dat éischt Land, dat dës zwou Direktiven integral ëmsetzt. Lëtzebuerg hat sech op dësem Gebitt ëmmer eng modern Reglementatioun ginn. Dat war 1983 an 1988 de Fall, an dat ass haut och nach de Fall.

Wa se vun Organismes de placement collectif oder Fonds d'investissements oder nach SICAVen héiere schwätzen, denken déi meescht direkt - a wat richteg ass -, mä nëmmen - wat manner richteg ass - un d'Loi-Rau-SICAVen, déi nach Steierreduktiounen erméiglechen. De Secteur vun den Organismes de placement collectif hélt awer eng bedeitend Stellung zu Lëtzebuerg an. Am Joer 2000 hunn d'Organismes de placement collectif 8,8% vum PIB ausgemaach an d'Steierakommes fir de Stat louch bei 860 Milliounen Euro oder 13,5% vun de globale Steierrecetten. 7.200 Leit hunn direkt an dësem Secteur geschafft, indirekt waren et der 13.500, dat heescht 5,53% vun de Salariéen. Zum Vergläich, an därselwechter Zäit, dat heescht am zweete Semester 2000, hunn ongeféier nëmme 6.800 Leit bei der deemoleger ARBED geschafft. Dës Zuele weisen op de wichtegen Apport vun den Organismes de placement collectif fir eis Wirtschaft hin, an aus deem einfache Grond ass dës Branche net als Niewesächlechkeet unzegesinn.

No de leschten Zuelen, déi d'CSSF publizéiert huet, gëtt et zu Lëtzebuerg 1.960 Organismes de placement collectif, an d'Aktive vun dëse Placements collectifs belafe sech op 853 Milliarden Euro. Wann een nach denkt, datt et Enn 1990, also virun e bësse méi wéi zéng Joer 805 Organismes de placements collectifs gouf mat Aktive vun 72,2 Milliarden Euro, kann een de Wee gesinn, deen an där kuerzer Zäit zréckgeluegt ginn ass. An zéng Joer ass d'Zuel vun den Organismes de placement collectif ëm méi wéi 250% an d'Aktiven, déi se géréieren, ëm méi wéi 1.180% gestiegen.

Hautdësdags ënnerleien d'Organismes de placement collectif dem Gesetz vum 30. Mäerz 1988. Dëst Gesetz vun 1988 gëtt duerch deen heite Projet de loi, awer nëmme mat Effekt op den 13. Februar 2007, abrogéiert. D'Gesetz vun 1988 hält d'Regele fir d'Grënnung, de Fonctionnement, d'Iwwerwaachung an d'Liquidatioun vun den Organismes de placement collectif fest. Hei ënnerscheet een tëschent dräi verschiddene Kategorië vu Fongen.

Déi vun der Partie I, vum Gesetz vun 1988, och Organismes de placement collectif en valeurs mobilières genannt, kënnen hir Aktiven nëmmen a Valeurs mobilières investéieren; si kënnen awer en contre-partie vum Passeport européen profitéieren, dat heescht, si kënnen duerch eng einfach Prozedur an anere Memberstate vun der Unioun kommerzialiséiert ginn.

Déi an der Partie II, einfach Organismes de placement collectif genannt, kënnen an aner Produite, wéi Valeurs mobilièren investéieren, mä en contre-partie bénéficiére si net vum Passeport européen, dat heescht si kënnen net esou einfach um Territoire vun der Unioun kommerzialiséiert ginn.

D'Partie III vum 88er Gesetz befaasst sech mat aussereuropäeschen Organismes de placement collectif, déi zu Lëtzebuerg wëllen enregistréiert ginn.

Well déi zwou Direktiven nëmmen d'Organismes de placement collectif en valeurs mobilières, also déi ënnert d'Partie I falen, viséieren, sinn d'Ännerungen, déi ech elo gläich wäert kuerz virstellen, wesentlech op d'Partie I beschränkt.

Dës Partie I beschreift déi verschidde juristesch Formen, déi en Organisme de placement collectif en valeurs mobilières kann unhuelen. Et sinn där haaptsächlech zwou: de Fonds commun de placement an d'SICAVen.

De Fonds commun de placement ass eng Indivisioun vu Valeurs mobilières. Den Investisseur kënnt also an eng Indivisioun eran a gëtt Indivisaire. De Fonds commun de placement huet keng Personnalité juridique, et ass also eng Société de gestion, eng Gesellschaft, déi eng eege Personnalité juridique huet, déi de Fonds commun de placement géréiert.

Eng SICAV ass eng Société anonyme, d'Abréviatioun ass: Société d'investissement à capital variable. Den Investisseur gëtt en Aktionär vun där SICAV, et ass bal eng normal Société anonyme,…

***(Interruption)***

… - bal eng normal hunn ech gesot -, well de Prinzip vun der Fixitéit vum Kapital bei enger SICAV net virhanden ass, dat heescht, wann een Investisseur Aktionär gëtt, brauch ee keng Augmentation de capital iwwer eng Décisioun vun den Aktionäre virun engem Notaire ze huelen.

Ech wëll kuerz elo op déi verschidden Ännerungen, par rapport zum Gesetz vun 1988, agoen. D'Struktur vum Projet de loi ass bal identesch mat där vum Gesetz vun 1988, d'Ausnahm ass, dass elo eng nei Partie IV sech mat der Société de gestion befaasst. Dës Ännerunge betreffen déi folgend véier Punkten.

Eischtens: D'Politique de placement. An anere Wierder, do wou den Organisme de placement collectif investéieren däerf.

Wéi schonns gesot - an den Numm seet et jo och schonn aus - däerfen d'Organismes de placement collectif en valeurs mobilières nëmmen «en valeurs mobilières» investéieren. Et ass awer net ëmmer evident ze ënnerscheeden, wat eng Valeur mobilière ass a wat keng ass. Wann ee falsch läit, kann een op eemol net méi vum Passeport européen Gebrauch maachen, mat deene Konsequenzen déi ee sech virstelle kann.

Dofir gëtt awer elo am Projet de loi den Terme Valeur mobilière definéiert a preziséiert, an a wat fir eng Aktiven den Organisme de placement collectif kann investéieren. Zum Beispill en dépôts en banque oder Instruments vum Marché monétaire.

Doniewent ginn d'Regele vun der Diversifikatioun vun den Investissemente vun engem Organisme de placement collectif preziséiert. All d'Gesellschafte vun engem Grupp zum Beispill, oder ënnergeuerdent Strukturen an enger Gesellschaft, ginn als eenzel Emetteure considéréiert, fir d'Plaffongen ze berechnen.

D'Investissementspolitik vun esou engem Fong kann och ausnahmsweis no Börsenindicë gestalt ginn, wat ënnert dem heitege Gesetz net ëmmer méiglech wor. En Organisme de placement collectif kann elo 100%, an net méi, wéi bis elo ënnert dem 88er Gesetz, 10%, an Aktiven oder Parte vun aneren OPCen investéieren.

Esou Organismes de placement collectif en valeurs mobilières heeschen och Fonds de fonds, dat heescht si investéieren an en anere Fong.

Mä eng Dräi-Niveau-Struktur wou en Organisme an en aneren Organisme investéiert, dee selwer an en drëtten Organisme investéiert, also e Fonds de fonds de fonds, ass net erlaabt. Schlussendlech, fir mat der Investitiounspolitik ofzeschléissen, sinn d'Regele vun den Investissements en produits dérivés preziséiert a vervollstännegt ginn.

Déi zweet grouss Ännerung betrëfft d'Société de gestion. Ënnert dem Gesetz vun 1988 hat eng Société de gestion als Haaptaufgab, e Fonds commun de placement ze géréieren an huet missen e Minimum vu Kapital vun 1.250.000 Euro opweisen, egal wéivill Aktive se géréiert. Si ware kenge spezifeschen Agrémenten duerch d'CSSF ënnerworf.

De Projet de loi gesäit elo zwou verschidde Kategorië vu Sociétés de gestion vir, déi vun der CSSF agréémiert musse ginn.

Déi eng géréieren Organismes de placement collectif en valeurs mobilières. Si kënnen och, wéi e Gestionnaire de fortune, op enger individualiséierter an discrétionnärer Basis d'Porte-feuillë géréieren, an niewesächlech och d'Conseilsaktivitéiten oder d'Garde an d'Administratioun vu Parte vun OPCen duerchféieren.

En contre-partie muss esou eng Société de gestion e Kapital opweisen, dat proportional ass zu den Avoiren déi géréiert ginn, mat engem Minimum vun 1.250.000 Euro an engem Maximum vun 10.000.000 Euro. D'Halschent vun deem Kapital kann iwwer eng Bankgarantie beluegt ginn.

Et gouf behaapt, datt d'Minimumkapital vun op mannst 1.250.000 Euro, wat 40,3399 mol méi héich läit wéi bei enger normaler Société anonyme, ze héich ugesat wor. Nichtsdestotrotz ass dës Exigence vun der Direktiv, déi mer elo ëmsetzen, iwwerholl ginn.

Wéi schonns gesot gesäit de Projet de loi fir den Agrément vun esou enger Société de gestion eng Prozedur vir, wou ënner anerem d'Honorabilitéit an d'Erfahrung vun den Dirigeanten iwwerpréift gouf. Och wann Termen, wéi Erfahrung an Honorabilitéit vun den Dirigeanten e bëssche vague schéngen ze sinn, fanne mer déi och bei der Agrémentsprozedur vu Banken am professionelle Secteur financier, wéi dat am Gesetz vum 5. Abrëll 1993 beschriwwe ginn ass, erëm, ouni datt et hei zu engem Arbiträr gefouert huet.

Eng Société de gestion kann elo verschidde Fonctiounen delegéieren, a si kann och an anere Memberstate vun der Europäescher Unioun aktiv ginn, dat heescht entweder iwwer Succursalen oder a „libre prestation de services". Hei ass och eng vereinfacht Agrémentsprozedur virgesinn. Natierlech kënnen d'Sociétés de gestion aus anere Memberstaten och hei zu Lëtzebuerg hir Presenz markéieren.

Déi zweet Kategorie vu Sociétés de gestion kann nëmmen, wéi virdrun, Organismes de placement collectif vun der Partie II géréieren, déi also kee Passeport européen opweises hunn.

Déi drëtt Innovatioun betrëfft d'Organismes de placement collectif vun der Partie I, déi als Société d'investissement géréieren. Hei gëtt eng Agrémentsprozedur, déi virdrun net do wor, agefouert.

De véierten a leschte Punkt ass d'Noutwendegkeet, fir den Organismes de placement collectif en valeurs mobilières e Prospectus simplifié ze veröffentlechen. Dëse Prospectus simplifié sollt den Investisseuren et erlaben, fir sech, op Grond vun engem liicht verständlechen Text en objektiivt Bild vum Fong ze maachen, éier si hiert Geld dodran investéieren.

Ech wéilt mäi mëndleche Rapport mat folgende Remarquen ofschléissen.

Éischtens wäert d'Gesetz vun 1988 bis den 13. Februar 2007 applicabel sinn, dat ass duerch déi wichteg mä komplex Disposition transitoire bedéngt. Ech wëll elo net op dës Disposition transitoire hei agoen, Dir kënnt lech e Bild vun där Komplexitéit vun deene Bestëmmungen a mengem schréftleche Rapport maachen.

Zweetens war et wichteg, esou séier wéi méiglech dëse Projet de loi ze stëmmen. Och wa bis den 12. Februar 2004 d'Organismen ënnert dësem Projet de loi de Passeport européen nach net kréien, musse sech d'Acteure vun der Finanzplaz op déi nei Regelen astellen. An deem Sënn huet de Statsrot eng grëndlech a séier Aarbecht geleescht. Zum Beispill huet en den 10. Dezember säin Avis complémentaire ofginn, wou en 23 Amendementer, déi mer him de 4. Dezember - also bal manner wéi eng Woch virdrun - iwwerreecht haten.

Drëttens wéilt ech der CSSF a besonnesch hirem Directeur général, dem Här Schaus, der Madame Delcourt an dem Här Goy merci soe fir hir Hëllef, déi se mer ginn hunn, fir dee komplizéierte Projet ze preparéieren. Och dem Här Reiter vun der Chamber ass et ze danken, datt mer haut dëse Projet de loi kënnen ofstëmmen.

Véiertens da schlussendlech déi traditionell Prozedur, déi mer an der Kommissioun haten. Den 8. Oktober 2002 huet de Budgets- an Trésorminister dëse Projet deponéiert, d'Chambre de Commerce huet den 21. Oktober 2002 dëse Projet aviséiert, den Avis vum Conseil d'Etat ass vum 5. November 2002. Déi Avisen an de Projet de loi sinn an der Kommissioun den 19. November an den 2. Dezember analyséiert ginn, den 2. Dezember huet d'Kommissioun 23 Amendementen ugeholl, déi dann de 4. Dezember dem Statsrot iwwerbruecht gi sinn. Den Avis complémentaire ass vum 10. Dezember an de 16. Dezember ass mäi schréftleche Projet unanime ugeholl ginn. Den Här Urbany war net do.

Ech géif lech also bieden als Rapporteur, dëse Projet unzehuelen, wéi en d'Kommissioun de 16. Dezember ugeholl huet, an domadder géif ech och den Accord vu menger Fraktioun ginn. Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Wann eis Partei d'lescht Woch vertrueden huet, dass et zu enger Diversifikatioun, och am Ënnere vun der Finanzplaz muss kommen, dann ass et evident, dass eis Partei e Gesetz wéi dat hei, wat iwwert d'OPCe geet, wat also eent vun de Standbeen ass, ënnerstëtzt, d'autant plus dass dat hei elo en Texte coordonné gëtt, dee vläicht den Iwwerbléck erëm méi einfach mécht. Dofir bréngen ech den Accord vu menger Partei.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Här Santer, félicitéiere fir säi gudde Rapport. Ech mengen, hien huet sech missen hei mat enger Matière erëmklappen, déi net einfach ass, mä déi awer eng ganz grouss Wichtegkeet fir ons Finanzplaz huet.

De Projet de loi, dee mer stëmme sollen, setzt zwou Direktiven zugläich ëm. Eng Direktiv ass schonn elo a verschiddene Länner ugeholl. Do si mer also frou, dass mer ons an déi Reie kënne mat areie vun deene Länner, déi dat zimlech rapid gestëmmt hunn. Bei der zweeter Direktiv, déi iwwert d'Erweiterung vun de Placementsméiglechkeete vun Investmentfongen, ass Lëtzebuerg dat éischt Land, wat déi Direktiv ëmsetzt. Ech mengen, dat ass e gutt Zeechen, wat mer domadder ginn.

D'Plaz Lëtzebuerg gëtt mat deem Vote a mat deem neie Gesetz, wat mer elo stëmmen, no baussen hin en Zeechen, dass d'Finanzplaz déi éischt Plaz ass, déi wëllt op deen neie Wee goen, vun deenen neie Méiglechkeete vun der Direktiv profitéieren an och kucken, dass se hir Plaz domadder international ka behaapten an och ausbauen. Dee Message no baussen ass ganz wichteg, wa mer dës Direktiv hei als Éischt ëmsetzen.

Dat Zweet, wat wichteg ass, wann een eng Direktiv als Éischt ëmsetzt, dat ass dass ons Akteure vun der Finanzplaz, haaptsächlech d'Banken, sech deen Ablack och scho kënne preparéieren an nei SICAVen oder Fonds communs de placement virgesi mat enger neier Investitiounspolitik, déi se direkt kënnen ëmsetzen an ënnert d'Leit bréngen. Ech hoffen, dass et zu deem Succès kënnt, dee mer eis alleguerten erwaarden duerch déi nei Zeechen, déi mer haut ginn.

Deen drëtte Punkt, deen ee muss ervirsträichen, wann ee séier handelt, dat ass, dass mer déi éischt Fonge wäerten hunn, déi op Basis vun deem neie Gesetz deen europäesche Pass kréie mat neien Avantagen an der Investitiounspolitik. Et muss ee begréissen, notamment, dass net nëmme kann investéiert ginn an Aktien an an Obligatiounen, mä dass an Zukunft een Deel vun de Fonge kann investéiert ginn an Dépôts financiers. Ech mengen, dat ass e positiivt Element. Dat gesot, Här Minister, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir géifen dem Här Santer ganz staark félicitéiere fir déi excellent Aarbecht, déi hien esouwuel a sengem schréftlechen, wéi och a sengem mëndleche Rapport gemaach huet. Dat erlaabt et eis ganz einfach eisen Accord ze ginn, an net weider dozou ze schwätzen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, ech géif mech och am Numm vun der Regierung deem Merci an där Unerkennung un de Rapporteur Patrick Santer uschléissen. Dëse Projet ass de Beweis, dass d'Regierung wëllt eng zolitt, diversifiéiert a konkurrenzfäeg Finanzplaz hunn. Duerfir sinn ech frou, dass dëse Projet hei eng breet Majoritéit, voire eng Unanimitéit an der Chamber wäert fannen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5033 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Lucien Weiler)***

D'Artikelen 1 bis 138 si gelies an ugeholl.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5033 ass eestëmmeg ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Patrick Santer), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Marco Schank), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz et Lucien Weiler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. Théo Stendebach), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Alexandre Krieps), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Niki Bettendorf), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jean Asselborn), Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Ech wollt nach drop opmierksam maachen, dass de Projet de loi 4933 iwwert d'Organisatioun vun der Arméi mar de Mëtteg als éischte Projet de loi um Ordre du jour ass, an net, wéi virgesi war, mar de Moien als éischten.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 20.47 heures)***

## JEUDI, 19 DÉCEMBRE 2002 — 21E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. Communications
2. Ordre du jour
3. 5052 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2001

   *(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
4. 4897 - Projet de loi modifiant

   1° la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale

   2° le code des assurances sociales

   3° la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat

   *(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
5. 4768 - Projet de loi portant approbation du Protocole, établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, concernant l'interprétation, à titre préjudiciel, par la Cour de Justice des Communautés européennes de la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 29 novembre 1996

   4794 - Projet de loi portant approbation

   - de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signée à Bruxelles, le 26 juillet 1995;
   - de l'Accord relatif à l'application provisoire entre certains Etats membres de l'Union européenne de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 26 juillet 1995

   4903 - Projet de loi portant approbation du Protocole établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relatif au champ d'application du blanchiment de revenus dans la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes et à l'inclusion du numéro d'immatriculation du moyen de transport dans la Convention, signé à Bruxelles, le 12 mars 1999

   *(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte des projets de loi - Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Henri Grethen et Carlo Wagner, Ministres.

***(Début de la séance publique à 9.05 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

D'Regierung schéngt keng Kommunikatioun ze maachen ze hunn.

### 1. Communications

Ech maachen lech folgend Kommunikatiounen:

En date du 17 décembre 2002 le Groupe d'Action Végétarien pour l'Egalité Animale (GAVEA) a déposé, ensemble avec le groupe de travail „Privat Déiereschützer", la pétition N°246 pour l'interdiction de l'abattage des animaux sans étourdissement ou anesthésie, y compris pour motifs religieux, l'interdiction d'importation et de vente de la viande issue d'un tel abattage et l'inscription de la protection des animaux dans la Constitution luxembourgeoise.

Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 18 décembre 2002, le

*-Projet de loi N°5072 portant 1. modification de l'article 46 et de l'article 56-2 de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire, et 2. introduction des articles 37-2 et 78-2 dans la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif.*

Monsieur Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, a déposé le

*-Projet de loi N°5073 modifiant la loi du 21 juin 1999 autorisant l'Etat à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers.*

### 2. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun haut ubelaangt, wëll ech lech drun erënneren, datt de Projet de loi 4933 iwwert d'Arméi aus organisatoresche Grënn am Nomëtteg um halwer dräi drukënnt.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5052 iwwert d'Pensiounen an d'Unfallrenten.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Glesener, Di Bartolomeo, Krieps, Gibéryen, Bausch, Urbany a Lux. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Niki Bettendorf.

### 3. 5052 – Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2001

***Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale***

M. Niki Bettendorf *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Rapporteur hunn ech d'Éier lech dëse Projet de loi virzestellen, de Projet portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie 2001. Ech hunn Zäit genuch fir dee virzedroen, esouguer wann ech kuerz drop aginn, wéi a firwat mer verschidde Punkte schlussendlech aus dem Gesetzesprojet erausgeholl hunn, Punkten, déi u sech näischt mam Intitulé vum Gesetz ze dinn haten, och wann eenzel Punkte gutt drabliwwe wieren.

Ech wëll bemierken, datt bei Regierunge virdrun esou Punkten oft am Budgetsgesetz ënnerbruecht gi sinn. Dat war net gutt. Zemools war et net gutt fir d'Oppositioun. Obschonns ee mat verschiddenen Ofännerungen averstane war, huet ee schlussendlech dergéint gestëmmt, well traditiounsgeméiss an aus Iwwerzeegung d'Oppositioun de Budget net stëmmt. An dësem Projet hu mer an der Kommissioun de Fait staark diskutéiert, dass insgesamt néng Punkte sollte gesetzlech verankert ginn, dovun aacht punktuell Adaptatioune vum Code des Assurances sociales, déi net direkt eppes mam Intitulé ze dinn haten. Eng Oppositioun huet direkt gefrot dës Punkten aus dem Projet erauszehuelen, d'Majoritéit war der Meenung - an als President hunn ech dës Meenung gestäipt -, mer sollten de gesamte Projet diskutéieren, dann op den Avis vum Conseil d'Etat waarden, fir dann déi definitiv Décisioun ze huelen.

Erlaabt mer kuerz den initialen Inhalt virzestellen. Fir d'éischt geet et jo ëm den Ajustement vun de Pensiounen. Dem Gesetz no examinéiert d'Regierung all zwee Joer ob et muss, soll oder net soll zu enger Revisioun vum Facteur d'ajustement vun de Pensioune kommen. D'Regierung mécht der Chamber e Rapport a wann noutwenneg déposéiert se dann ee Projet de loi fir d'Pensiounen ze ajustéieren. De leschten Ajustement hate mer den 22. Dezember 2000, mat deem d'Pensiounen op den 1.1.2001 un de Liewensniveau vun 1999 ugepasst gi sinn. Elo ass also de Moment komm, fir datselwecht ze maachen, an zwar d'Upassung vun de Pensiounen an den Unfallrenten un de Liewensniveau vun 2001, an zwar vum 1. Januar 2003 un.

Opgrond vum Regierungsrapport

sinn d'Gehälter tëschent 1999 an 2001 3,5% gestiegen; dat bedingt eng Augmentatioun vun de Pensiounen och vun 3,5%, an dat iwwert de Wee vum Facteur d'ajustement. De Käschtepunkt beleeft sech fir d'Joer 2003 op 61 Milliounen Euro. Dës Verbesserung ka vun der Assurance pension gedroe ginn; no de leschte Previsiounen ass fir 2003 e positive Solde tëschent Recetten an Dépensë vu 516 Milliounen Euro ze erwaarden. De Käschtepunkt fir den Ajustement vun den Unfallrente beleeft sech op 4,6 Milliounen Euro an den Ajustement ass och fir d'Fonctionnairen. Am Exposé des motifs vum Gesetz steet, datt den Ajustement vun de Pensioune fir d'Personal vum Stat sech fir 2003 op 9,5 Milliounen Euro beleeft.

Här President, mir wollten och nach am Rapport drun erënneren, datt et zënter 1994 en Indicateur unique gëtt amplaz vun den zwee Indicateuren, déi bis 1992 gebraucht gi sinn, fir d'Pensiounen an d'Unfallrenten esouwuel wéi de Salaire social minimum unzepassen. Am allgemenge Konsens gouf deemools dës nei Méthodologie en place gesat an huet laangen Diskussiounen en Enn gemaach.

Gëschter beim Projet iwwert de Salaire social minimum hu mer öfters iwwert déi nei Method geschwat, déi säit Ugangs den 90er Jore gebraucht gëtt, fir d'Ajustementer vum Salaire social minimum, awer och vun de Pensiounen, ze rechnen. Wat gouf dann deemools geännert? Ech wëll nach eng Kéier kuerz an dräi Wierder dorop agoen.

Fir d'éischt goufen d'Léin vun de Fonctionnairë mat an d'Berechnung erageholl an da goufen zweetens d'Gratificatiounen och derbäi gezielt, an derbäi koum dann och nach, dass d'Gehälter bis siwemol de Mindestloun gezielt goufen. Virdru koume fir d'Berechnung nëmmen d'Gehälter bis zum Plafond cotisable a Betracht, deen deemools fënnefmol de Mindestloun war an haut och nach ass. Dir gesitt, alles Fakten, déi sech positiv op d'Ajustementer vun de Pensiounen auswierken.

Här President, wat déi zousätzlech Dispositiounen ubelaangt, déi hei am Gesetz stoungen, do gëtt et ee Problem mat der Attributioun vun der Indemnité pécuniaire de maternité. D'Fra, déi enceinte ass an déi d'Stagekonditiounen erfëllt, muss och an de Benefiss vun der Indemnitéit kommen, och wa se net méi affiliéiert ass beim Ufank vum Congé de maternité. Dat hei muss gesetzlech ugepasst ginn.

En zweete Punkt ass de Fonctionnement vun der Assemblée générale vun der Union des Caisses de Maladie. Hei muss och légiféréiert gi fir den Equiliber vun der Stëmmenzuel ze halen, ganz gläich ob d'Memberen all present sinn oder net.

En anere Punkt, wat de Finanzement vun der Assurance accident ubelaangt: Et mussen och nach zwee Artikelen am CAS geännert ginn. Wat d'Mise en compte vun de Babyjoren ubelaangt muss garantéiert ginn, datt d'Babyjore Recht ginn op d'Majoratioun vun de Pensiounen, mindestens gläich mam Forfait d'éducation. Wat d'Prise en charge vun den administrative Käschte vun de Betribskrankekeesen ubelaangt, déi solle mat deenen anere Keese gläichgestallt ginn.

Da war eng Mesure conservatoire virgesinn, fir eng Explosioun vun de Käschten - d'Prestations en espèces - vun der Assurance dépendance ze verhënneren. Fir de Prinzip vun der Gläichheet ze garantéiere sollt bei enger accessoirer Aktivitéit, gekoppelt un d'Haaptaktivitéit, d'Kotisatioun net méi brauche bezuelt ze gi fir d'accessoire Aktivitéit bis zum Maximum cotisable compte tenu vum Revenu bei der Haaptaktivitéit. Ech hoffen, dass ech elo an deem Saz kloer genuch war.

Da stoung am Projet d'Indexupassung vun den Honorairë bei den Dokteren, Zänndokteren a verschiddenen anere Prestataires de soins. Ech sträife kuerz d'Avisë vun de Beruffschamberen. Bei der Redaktioun vum Rapport hate mer just den Avis vun der Privatbeamtechamber, si huet sech géint d'Aart a Weis ausgeschwat, wéi sollt légiféréiert ginn. Den Ajustement vun de Pensiounen an den Unfallrenten huet si awer positiv aviséiert. Datselwecht gëllt fir d'Recht op d'Indemnité pécuniaire de maternité, de Fonctionnement vun der Assemblée générale vun der UCM, d'Modificatioun vum Finanzement vun der Assurance accident agricole, d'Adaptatioun am Kader vun de Babyjoren an d'Prise en charge vun den administrative Käschte vun de Betribskrankekeesen.

D'Privatbeamtechamber war kritesch vis-à-vis vun der Indexupassung vun den Tariffer fir Dokteren, Zänndokteren an aner Prestataires de soins. Datselwecht gëllt fir déi geplangte Mesure compensatoire bei der Assurance dépendance.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet elo och hiren Avis ginn. E steet net am Rapport, ech wëll en awer kuerz zitéieren. Si approuvéiert den Ajustement. Si mécht der Regierung an ons e béise Fanger, wëll mer säit 1994 et net fäerdeg bréngen, an eisen Texter vu „salaires et traitements cotisables" ze schwätzen. An eisen Texter steet nach ëmmer nëmme „salaire cotisable".

Mir verspriechen, dat déi aner Kéier ze maachen.

***(Interruption)***

Ech mengen, heimat kënne mer eis net verdinn.

Ech ginn net op aner Remarken an, well déi jo elo net méi am Gesetz drastinn. Och e gemeinsamen Avis vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce hu mer gëschter kritt. Si weisen op hir Avisen hin am Kader vun der Rentereform a si géint den Ajustement vun de Pensiounen. Si soen: „Afin de ne pas hypothéquer davantage la situation financière de l'assurance pension, toute nouvelle hausse des prestations est à refuser". Déi zwou Chamberen opposéiere sech also dem Ajustement.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zum Avis vum Conseil d'Etat. Och de Conseil d'Etat bemängelt, dass de Projet sech net op den Ajustement beschränkt huet. Déi fundamental Kritik ass, dass keng Zäit bleift fir d'Beruffschamberen, a räsonnabelen Délaien hir Avisen ofzeginn, well d'Gesetz muss den 1.1.2003 a Kraaft trieden. De Conseil d'Etat wëllt, dass aus dem Artikel 1 d'Punkte 5 bis 8 aus dem Projet erauskommen, soss misst hien, de Conseil d'Etat, sech formell opposéieren. Dat ass erëm eng Kéier d'Indexéierung vun den Tariffer vun den Dokteren, Zänndokteren an anere Prestataires de soins. D'Aart a Weis virzegoen, seet de Conseil d'Etat, géif net a Richtung vun enger méi grousser Responsabilitéit an der Tarifautonomie goen.

Aus all deem, wat ech elo virgedroen hunn, huet d'Kommissioun Santé a Sécurité sociale folgend Konklusioune gezunn: Vu den Avis vum Conseil d'Etat, no räiflecher Iwwerleeung a mam Averständnis vum Minister vun der Sécurité sociale, hu mer eestëmmeg beschloss, eis op eng eenzeg Mesure ze beschränken, an zwar op den Ajustement vun de Pensiounen an den Unfallrenten.

D'Dispositioune vun der Indexatioun vun den Tariffer fir Doktere sollen an engem globale Projet de loi presentéiert ginn. D'Kommissioun weist op e largë politische Konsens hin an der Fro vun der Indexupassung vun den Tariffer, eng Fro, déi bei adequate Verhandlunge mat den Doktere schonns als positive Punkt kann ugesi ginn.

Wat d'Assurance dépendance ubelaangt, soll d'Mesure compensatoire am Kader vun engem iwwerschaffte Gesetzestext fir d'Assurance dépendance behandelt ginn. Domadder sinn ech duerch de Projet. D'Kommissioun war eestëmmeg der Meenung, d'Pensiounen an d'Unfallrenten op den 1.1.2003 ëm 3,5% ze erhéijen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem klenge geschëllte Cadeau un d'Pensionnairen an d'Unfallrentner, an no der Rentereform am Summer,…

***(Interruption)***

Ech hat et d'éineschter gesot, dann hat Dir net opgepasst.

…kënne mer berouegt eis Aarbechte fir 2002 ofschléissen. Ech soen all deene merci, déi am Laf vum Joer gutt mat ons zesumme geschafft hunn a wënsche schéi Feierdeeg, Iech, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marcel Glesener agedroen.

***Discussion générale***

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, am Numm vun der CSV-Fraktioun félicitéieren ech dem Berichterstatter, eisem Kolleeg Niki Bettendorf, fir säi prezise schréftlechen an detaillierte mëndleche Bericht, deen exakt d'Diskussiounen an d'Entscheedungen aus der zoustänneger Kommissioun erëmgëtt.

De Kolleeg Bettendorf huet dee virleiende Projet am Detail virgestallt. De Rentenajustement baséiert op der Lounentwécklung vun de Joren 2000 an 2001. De Rapporteur huet déi noutwenneg Erklärung zur ugewannter Methodologie ginn an huet Stellung bezunn zum Rapport vun der IGSS, deen d'Basis vun dësem Projet duerstellt.

Ech wëll dem Berichterstatter seng Ausféierungen net widderhuelen a mech op e puer méi prinzipiell Aussoe beschränken, ouni awer d'Rumm vun dësem Projet ze verloossen.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Här President, erlaabt mer virop eng Bemierkung. Gëschter, beim Ajustement vum Mindestloun, hu mer dauernd festgestallt, dass mer net bei eise Berodungen am Besëtz ware vun den Avisë vun de Beruffschamberen, a mer den Aarbechtsminister gebieden hunn, dofir Suerg ze droen, dass d'IGSS méi fréi hire Rapport ofschléisst an der Regierung presentéiert, fir dass si och méi fréi kann de Projet op den Instanzewee ginn. Datselwecht wëll ech nach eng Kéier un d'Adress vum Gesondheetsminister riichten. Ech sinn iwwerzeegt, wann zwee Ministeren därselwechter Meenung sinn a gläichzäiteg intervenéieren, da brénge mer et bestëmmt fäerdeg an zwee Joer méi fréi de Projet de loi kënnen ze diskutéieren, wann d'Beruffschamberen an d'Méiglechkeet gesat ginn, fir kënnen hir Avisë rechtzäiteg ofzeginn.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier kuerz festhalen, dass de leschten Ajustement, den 1. Januar 2001 erfall ass. Deen Ajustement ass gerechent ginn op Grond vun der Lounentwécklung aus de Joren 1998 an 1999. Ech hunn dat rappeléiert, well dat och Jore waren, wou d'Gewerkschaften hir Engagementer, déi se an der Tripartite agaange waren, fir duerch Lounmoderatioune Massenaarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg ze verhënneren, respektéiert hunn. Si hunn déi Verspriechen, déi se do agaange sinn, agehalen. Den Ajustement war deemools 3,1% an huet dat erëmginn, wéi d'Léin an deene Joren an d'Luucht gaange sinn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, wann also haut en Ajustement vun 3,5% méiglech ass, ouni datt eng Beitragserhéijung eng Folleg dovun ass, trotz engem Käschtepunkt vu ronn 95 Milliounen Euro, ouni dass d'Reserve vun de Pensiounskeesen onnéideg belaascht ginn, dann ass dat och zum Deel d'Resultat vun der Finanzreform vun 1984. Deemols ass d'Risikogemeinschaft agefouert ginn. Deemools ass definitiv d'Ëmlageverfahren zu Gonschte vum Kapitaldeckungsverfahre festgehale ginn. Deemools sinn déi ominéis Scholdzertifikater getilgt ginn an als Contrepartie ass dem Stat seng Bedeelegung un der Rentefinanzéierung an Etappen op 85% gehuewe ginn. No der Reform war et méiglech, am Laf vun de Jore wesentlech Renteverbesserungen ze verwierklechen.

Dëst Joer ass ee weidere grousse Schrëtt zu méi Rentegerechtegkeet hi gemaach ginn. D'Pensioune sinn am Summer däitlech gehéicht ginn. Déi lescht Wochen hunn eis Rentner hir Joresennprime kritt. An elo, zum 1. Januar 2003, kënne mir eng zousätzlech Erhéijung vun 3,5% vu sämtleche Renten a Pensioune beschléissen.

Ech mengen, et ass dat d'Resultat vun enger gudder Sozialpolitik, déi mat Sécherheet einmaleg do steet a wou vill Länner an der EU sech un eis kënnen ee Beispill huelen. Déi Verbesserungen, Kolleeginnen a Kolleegen, déi am Laf vun de leschte Joren an och elo, duerch den Ajustement realiséiert ginn, déi sinn duerchaus ze verkraften. An et ass net esou, dass no deem Ajustement d'Finanzéierungssituatioun vun eise Pensioune méi schwiereg géif ginn, an dass d'Pensioune manner sécher wieren. Au contraire!

D'Reservë vun de Pensiounskeese waren 2001 - dat muss ee sech emol virstellen - 4,76 Milliarden Euro. An d'Reserven, déi gi nach däitlech erop. Fir dëst Joer si se op 5,19 Milliarden Euro geschätzt. Dat sinn an ale Frangen 209 Milliarden. Et ass och dat d'Resultat vun enger gudder Finanzéierungspolitik, déi mir 1984 hei ageleet hunn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, alles dat ass och d'Resultat vun enger erfollegräicher Sozialpolitik. An et besteet, dat wëll ech ganz kloer och am Numm vun der CSV soen, absolut kee Grond, d'Grondprinzipië vun eisem Pensiounsversécherungssystem ze änneren. Mir hale fest um Ëmlageverfahren a mir hale fest um Generatiounevertrag.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer nach eng kuerz Bemierkung an ech wëll domat un d'Uféierung vum Niki Bettendorf uschléissen. Mat dësem Projet wollt de Gesondheetsminister aacht punktuell gesetzlech Ofännerungen, mat deene mer d'accord sinn, déi awer näischt mat dem Rentenajustement ze dinn hunn, beschléisse loossen. Mir waren - ech wëll soen d'CSV - géint esou eng legislativ Prozedur, an dat aus engem ganz bestëmmte Grond. De Rapporteur huet dat gesot. Mir hunn dat och an der Kommissioun analyséiert. An dësem Fall ass et wierklech ubruecht spezifesch Gesetzprojeten ze maachen, déi dann hiren normale legislative Wee ginn, a wou een dann och Zäit huet déi Ofännerungen op hir Auswierkungen hi genau ze analyséieren. Deemzufolleg ware mer der Meenung eis haut nëmme mat dem Ajustement ze befaassen an eis op den Ajustement vun 3,5% ze beschränken.

Kolleeginnen a Kolleegen, dat gesot, wëll ech ofschléissend festhalen, datt dësen Ajustement vun de Renten a Pensioune berechtegt ass. Dausende vun eise Matbierger kréien duerch dësen Ajustement eng wuelverdéngte Verbesserung vun hirem Akommes, an dofir kann ech och am Numm vun der CSV eis Zoustëmmung zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Glesener. Den nächsten Orateur ass den Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Här President hanneru mer, merci soe fir säi Rapport, deen objektiv d'Diskussiounen an der Kommissioun erëmgëtt. Ech wëll allerdéngs liicht dat nuancéiere wat mäi Virriedner, de Marcel Glesener gesot huet zu dem Opdeele vum Projet oder zum Erausléise vun deenen aacht Moossnamen, déi eigentlech näischt mam Ajustement ze dinn hunn an deem Sënn, dass et net esou ass, dass d'CSV vun Ufank un der Meenung war fir de Projet an zwee ze deelen a sech just op den Ajustement ze beschränken, mä dass d'CSV eréischt där Meenung war wéi de Gesondheetsminister oder de Sécurité-sociale-Minister nom Avis vum Conseil d'Etat keen anere Choix méi hat an de Gesondheetsminister, respektiv de Sécurité-sociale-Minister dat selwer proposéiert huet. Dass den Här Glesener vläicht selwer där doter Meenung war, dat ass eng aner Saach, mä ech ka mech net erënneren, dass eng kloer Positioun an der Kommissioun an deem Sënn vun der CSV formuléiert gi wär. Au contraire, d'Majoritéit vun der Kommissioun huet sech fir den urspréngleche Projet ausgedréckt gehat an ech soen dat ënnert der Kontroll vum President.

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, den Här Glesener wëllt gäre reagéieren.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Selbstverständlech.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Merci, Här President. Här Di Bartolomeo, déi nuancéiert Duerstellung zu mengen Ausféierunge wëll ech dann och nach eng Kéier frësch nuancéieren. Et ass net grad esou wéi Dir dat sot, Här Di Bartolomeo. Wann Der d'Rapporten noliest vun eise Sëtzunge vun der Kommissioun, da stellt Der fest, dass ech am Numm vu menger Fraktioun gesot hunn, dass mer Bedenken hu géint esou eng legislativ Prozedur, an dass mer et léiwer gesinn, wa mer dat do géifen trenne vum Projet. Dat steet am Rapport dran.

De President huet awer a senger Weisheet du gesot: Okay, loosst mer emol ofwaarde wat de Statsrot seet, mä kommt, mir diskutéieren emol an ënnersichen de ganze Projet, wéi en elo virläit. An dunn hu mer zougestëmmt a mir hu gesot: Okay, da maache mer elo mol d'Analys vun dem gesamte Projet an da gesi mir weider. An dat hu mer gemaach, an an där Sëtzung duerno hu mer eestëmmeg décidéiert, fir de Projet ze splitten.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Merci, Här Glesener, fir déi Prezisioun. Ech wëll just domat bestätegt wëssen, dass d'CSV oft dat eent denkt an dat anert mécht,…

***(Interruptions diverses)***

…- Här President, wann Der wëllt, dass ech den Nol nach méi déif aschloen -, an dass se ganz oft dat Richtegt denkt an dat Falscht mécht.

***(Interruptions diverses)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Upassung vun de Pensiounen a Renten un d'Lounentwécklung tëschent 2000 an 2001 oder d'Erhéijung vun de Rente vum Secteur privé a public ëm 3,5% ab 1. Januar fënnt eis Ënnerstëtzung. Et ass fir d'zweete Kéier wou mam Rentenajustement net nëmmen d'Renten an d'Pensiounen aus dem private Secteur ugepasst ginn, mä och d'Pensioune vun de Fonctionnairë gläichzäiteg ugepasst ginn. D'Zil vum Ajustement ass, d'Kafkraaft vun de Pensionéierten a Rentenempfänger un d'Kafkraaft vun de Lounempfänger unzepassen.

De Käschtepunkt vun dësem Projet läit bei 75,1 Milliounen Euro, wann een de Privatsecteur, d'Rentes accident an d'Fonctionnairen zesumme rechent, an ech mengen, dat soll een och op déi koordinéiert Aart a Weis maachen.

De Rentenajustement ass kee Geschenk. Et ass och keen Automatismus, mä et ass eng politesch Décisioun noutwendeg vu Regierung a Parlament, fir d'Renten un d'Lounentwécklung unzepassen. Ech hu gesot, dass et kee Cadeau ass an dofir weisen ech och déi Positioun vun der Chambre de Commerce et des Métiers zréck, déi sech dem Rentenajustement opposéieren, grad wéi hir Positioun sech ähnelt bei deem Projet, iwwert dee mer gëschter diskutéiert hunn, bei der Adaptatioun vum Mindestloun.

De Rentenajustement ass e sozialen Acquis zënter 1985, an duerch déi successiv Ajustementer zënter 1985 sinn d'Renten an d'Pensiounen eppes iwwer 30% an d'Luucht gaangen. Duerch den Index sinn déiselwecht Renten a Pensiounen an därselwechter Zäit ëm 35% an d'Luucht gaangen, a wann een dann déi strukturell Moossname vun 1987, 1991 an 2002 derbäi rechent, da kënnt een op eng Steigerung vun de Renten a Pensioune vu bal 100% a 17 Joer. Dat soll een och emol eng Kéier esou koordinéiert kucken. Et gëtt wahrscheinlech keen anert Land op der Welt wou d'Pensiounen an nëmme 17 Joer esou dynamesch an d'Luucht gaange sinn. Ech soen dat ouni Wäertuerteel.

***(Interruption)***

Ech fäerte ganz, dass Dir mat deenen dote Moossname räichlech wéineg ze dinn hat, mä dass dat eng Evolutioun an eiser Sozialpolitik war, déi och ouni 7/6…

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Et war einfach rengen Zoufall!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Voilà.

***(Interruption)***

Den Här Jaerling däerf näischt méi soen.

***(Interruptions)***

Ech mengen, dass dat bei lech och scho laang net méi de Fall ass.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Da wëll ech lech awer elo soen, wann Der sot, „dat ass bei lech och scho laang net méi de Fall", dass Der domadder zougitt, dass et bei lech de Fall ass.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Neen, ech mengen domadder d'CSV.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Och wann ech fir eng lieweg Chamber sinn, hu mir nach ee laange Programm haut, an haut den Owend gitt Der gären alleguer mat Zäiten heem. Ech géif lech also bieden, vun de Moien un disziplinéiert ze sinn, fir dass mer gutt duerch eise Programm kommen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Merci, Här President, fir Är Ënnerstëtzung, mä Dir verstitt, dass ech et genéissen, wann ech emol erëm eng Kéier Mikroen hunn, déi op sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot zum Rentenajustement, dee jo nach dee Punkt ass, deen iwwreg bliwwen ass an eisem Projet de loi, deen eis de Moien interesséiert, bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech wëll awer dann nach kuerz op déi aner Elementer vum Projet de loi agoen, haaptsächlech op deen, deen d'Indexéierung vun den Dokteschtariffer ugeet, wou, mengen ech, datselwecht gëllt wat een insgesamt zu der Aart a Weis ka soen, wéi de Projet de loi hei huet missten diskutéiert ginn: An enger gewësser Zäitnout, wou eenzel Avisë vun de Chambres professionnelles bei der Diskussioun vun eisem Projet nach net dobanne waren, ënner anerem dee vun der Chambre de Travail.

Ech stelle fest, dass d'Regierung vun dem Projet de loi iwwert den Ajustement profitéiert huet, fir insgesamt aacht aner Punkte mat anzebauen. Ënner anerem, zwee méi fundamental Punkten: dee vun der Indexéierung vun den Dokteschtariffer an dee vu gewëssen Adaptatiounen, déi awer relativ incisiv gewiescht wären, bei der Fleegeversécherung.

Zu der Aart a Weis wëll ech dat heite soen. D'Diskussioun mat den Dokteren, tëschent Regierung an Dokteren, an der Quadripartite an den Dokteren, ass relativ laangwiereg gewiescht, a si ass ugaangen am Zesummenhang mat deene Moossnamen, déi mir 1999 geholl hunn, fir d'Defiziter vun de Krankekeesen auszegläichen, wou d'Regierung gesot hat, dass all d'Partner missten Affer bréngen, fir d'Krankekeesen an den Equiliber ze bréngen.

***(Interruption)***

Ech wëll net am Detail op déi Diskussiounen agoen. Ech stelle just fest, dass d'Regierung Problemer hat, fir déi dote Positioun bei den Dokteren duerchzesetzen, an dass si zu engem gewëssenen Zäitpunkt bereet war, iwwer e Gesetzesprojet d'Dokteren zu engem Beitrag ze zwéngen. Duerno ass et zum Konflikt komm, de Gesetzesprojet ass zréckgezu ginn, d'Dokteren hunn op reell Problemer opmierksam gemaach. D'Regierung huet Verhandlungsbereetschaft gewisen an huet eng Dier opgemaach, déi bis elo net op war, an zwar déi vum Dekonventionement oder Deeldekonventionement.

An ech hunn déi verschidden Debatten, déi mir hei am Parlament haten, nogelies, et war de Gesondheetsminister dee gesot hat, doriwwer kéint een diskutéieren, wéi wäit dass ee géif goen, dat wär eng aner Saach. Mä d'Boîte de Pandore war op, an du si während Méint plus au moins hefteg Diskussioune lass gaangen.

An ech mengen d'Chamber huet virun engem Joer bei engem Débat d'actualité an där doten Diskussioun hir Roll gespillt, wéi se eigentlech bal à l'unanimité déi doten Diskussioun tranchéiert huet, an huet mat eis gesot: Keen Dekonventionement an och keen Deeldekonventionement. An ech ka mech erënneren, eis Fraktioun huet bei där Geleeënheet op der Tribün hei gesot, dass den Dekonventionement oder den Deeldekonventionement déi falsch Änwert op e reelle Problem wär, deen d'Dokteren um Terrain kennen, an dass mir selbstverständlech d'Diskussioune mat den Doktere géifen ënnerstëtzen, fir déi reell Problemer um Terrain geléist ze kréien.

***(Interruption)***

Selbstverständlech.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Här Di Bartolomeo, ech wollt lech froen: Zu welchem Projet schwätze mer? Schwätze mer elo iwwert den Ajustement oder schwätze mer iwwer aner Projeten, aner Saachen, déi mer vum Projet getrennt hunn? Ech hu gemengt, Dir wiert mat eis d'accord gewiescht, fir all déi Froen do vum Ajustement ze trennen an eis nëmmen op den Ajustement ze beschränken. Mä Dir schwätzt näischt méi wéi iwwert den Ajustement. Dir schwätzt elo iwwert déi Saachen, déi net méi am Projet stinn. Ech verstinn dat net.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Ma Dir wäert mir dach kee Maulkuerf wëllen undoen, Här Glesener?

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Ma neen, da bleift dach beim Projet, beim Thema!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- An ech weess, dass et lech net arrangéiert wann ech lech soen, dass Dir duerch eng Hannerdier Moossname wollt era bréngen, wou mir ganz gäre bereet sinn, fir offen driwwer ze diskutéieren.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Mä dat ass jo guer net wouer, dat entsprécht jo net der Wourecht!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- A mir hu ganz laang an der Kommissioun iwwert deen dote Volet diskutéiert. Da wäert et jo wuel erlaabt sinn, hei op der Tribün iwwert deen dote Punkt ze diskutéieren.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Ma ech hu jo iwwert den Ajustement…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dat ëmsou méi, well ech déi doten Opreegung net verstinn, well mir an der Kommissioun - also schwätzen ech erëm eng Kéier ënnert der Kontroll vum President - eng ganz propper Diskussioun gefouert hunn an och…

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Mä Dir maacht et awer hei net.

Une voix.- Den Här Di Bartolomeo soll viru fueren.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här Glesener, ech fannen dass Dir lech an deene leschten zwee Deeg räichlech Méi gitt, fir lech an Ärer Peinlechkeet dauernd ze iwwertreffen.

Une voix.- Ha ha.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Dat do ass typesch Bartolomeo. Mä domat gitt Dir net méi eescht geholl.

M. le Président.- Wann ech gelift, ech géif lech bieden den Här Mars Di Bartolomeo schwätzen ze loossen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Also, Här Glesener…

M. le Président.- Dir hat Zäit genuch, fir dat ze développéieren, wat Dir wollt soen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här Glesener, wee vun eis zwee am meeschten eescht geholl gëtt, doriwwer loossen ech d'Leit jugéieren, well ech kenne kaum ee Mënsch, dee sech an senger Carrière sou oft op de Kënn gespaut huet, wéi Dir.

M. le Président.- Also wann ech gelift, packt lech!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Selbstverständlech wäert ech mech…

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Dat do ass awer esou peinlech! Sou peinlech!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Selbstverständlech wäert ech mech…

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Dat do hunn ech net néideg. Ech géif lech bieden, Här President, den Här Di Bartolomeo e bëssen ze bremsen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Selbstverständlech wäert ech mech packen, an deem Mooss wou den Här Glesener sech un d'Spillregelen hält, déi hei an der Chamber üblech sinn.

Ech wollt just nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer eng gutt Diskussioun an der Kommissioun zu deem dote Volet haten, an dass mer déi doten Diskussioune jo net eleng gefouert hunn. D'Regierung huet an dem Mount Juli, no laangen Diskussiounen an der Quadripartite, offensichtlech en Accord mat der AMMD fonnt, fir d'Problemer, déi um Terrain bestinn, ze léisen.

Ech muss allerdéngs soen, dass ech mech gewonnert hunn, dass dee Moossnamepacket relativ spéit op den Dësch vun der Chamber komm ass, an et huet mech nach méi gewonnert, dass eng vun deene Propositiounen dann an de Projet Ajustement sollt agebaut ginn. De Minister huet d'Explikatioun dofir ginn an déi licht och an. Hie war der Meenung dass et net schlecht wär wann een deen dote Volet géif abauen, fir den Drock e bësse gemeeschtert ze kréien a sécher och, fir den Dokteren de gudde Wëllen ze weisen.

Mir sinn allerdéngs der Meenung, dass, bei aller Guttgemengtheet vun där dote Moossnam, de Wee dee falsche war. Wa mer en Accord mat den Doktere fannen, an deen huet e ganze Koup Voleten, deen huet och e ganze Koup Implikatiounen, souwuel op d'Union des Caisses de Maladie wéi gegebenenfalls op de Statsbudget, da solle mer doraus e Gesamtpacket maachen, mir sollen deen an een Text erakleeden, mir sollen e déposéieren a mir sollen e gruppéiert diskutéieren.

Wann d'Fuerderungen an d'Resultat berechtegt sinn, da musse mer och de Courage hunn, och an enger bësse méi ugespaanter wirtschaftlescher Situatioun, fir dee Moossnamepacket hei an der Chamber kënnen ze diskutéieren, well Dir wësst, dass an där Diskussioun, iwwert Dekonventionement an Deeldekonventionement, jiddfereen an dëser Chamber bereet war seng Responsabilitéit ze iwwerhuelen.

An de President weess, dass mir an där éischter Kommissiounssëtzung, wou mir iwwert dëse Projet diskutéiert hunn, vun eis aus drop higewisen hunn, dass eng grouss Gefor wär, dass deen dote Punkt, deen eigentlech friem an dem Projet de loi iwwert den Ajustement war, vum Statsrot géif erausgebaatscht ginn, wann de Statsrot senger Doctrine géif trei bleiwen. Mir haten eis net geiert, an de Conseil d'Etat huet a sengem Avis eng Opposition formelle ugekënnegt gehat, fir de Fall wou mer ënner anerem deen dote Punkt géifen dra loossen.

Ech begréissen dann och dass d'Regierung, an och d'Majoritéit vun der Kommissioun, zu deeneselwechte Konklusioune komm sinn, wéi an där éischter Sëtzung eng Minoritéit an der Kommissioun, an dass mir eis haut op den Ajustement beschränken. An de Minister huet sech engagéiert, fir dee ganze Moossnamepacket, dee mat der Dokteschvereenegung ausgehandelt ginn ass, an engem Projet de loi op den Dësch ze leeën.

An da wënsche mer eis och, Här Minister, dass mir bei deem Projet och eng Fiche financière dobäi kréien, well déi huet, an dësem Stadium, am Projet de loi gefeelt gehat, dat heescht mir woussten näischt iwwert den Impakt vun där Moossnam, déi Dir proposéiert hat, a mir woussten och virun allem net wéi d'Laaschteverdeelung wär, ob d'Regierung géif en Deel Responsabilitéit iwwerhuelen oder ob dat zu Laaschte vun der Union des Caisses de Maladie wär, déi hire Budget virun engem Mount verofschit huet, a wou déi heite Moossnam net dra war.

D'Konklusioun also: Mir si frou, dass mer eis am Endeffekt an dësem Projet de loi op den Ajustement begrenzt hunn, dee mer begréissen an och stëmme wäerten, an dass mer deen zweete Volet vun dësem ursprëngleche Gesetz wäerten an en anere Projet de loi akleeden. Mir si jiddefalls bereet déi doten Diskussioun ze féieren. Net awer duerch eng Hannerdier, mä oppen, mat de Kaarten um Dësch. Ech menge mir brauchen déi doten Diskussioun net ze fäerten. An ech fäerte ganz, dass duerch déi Aart a Weis déi mir gewielt hunn, d'Diskussiounen net erliichtert gi sinn, mä erëm eng Kéier erschwéiert gi sinn. Dat hunn ech zulescht un de Reaktioune vun der Dokteschvereenegung gesinn, an et soll een ni eppes versprieche wou ee vun Ufank u weess, dass et schwiereg ass, ze halen. Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- An nëmmen iwwert de Projet schwätzen!

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Här Gibéryen, ech hat näischt aneschters wëlles.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech hat och näischt aneschters erwaart.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Voilà.

***(Interruption)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Demokratescher Fraktioun wëll ech natierlech hei fir d'éischt onsem Kolleeg, dem Rapporteur Niki Bettendorf fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport merci soen.

Ech hunn natierlech, Här Gibéryen, am Virfeld vun dësem Projet de loi d'Debatten zu dem leschten Ajustement vum Dezember 2000 nogelies. Ech wëll net déi Polemik vun deemools hei méi déif analyséieren. Mir halen natierlech haut fest, dass deemools am Dezember 2000 d'haaptpolitesch Oppositioun hire preelektorale Verspriechen, deem faméisen 10-Punkte-Programm, nogelaf ass. Si hu widderholl, dass d'gewerkschaftlech Plattform vu virun de Wahlen 1999 eng siweprozenteg strukturell Opbesserung gefuerdert hat.

Si hunn deemools dem Statsminister Juncker virgeworf, ronderëm de Rentendësch Verzögerungstaktik ze instauréieren, obschonns hie selwer am Mee 2000 dee Rentendësch proposéiert hat. Glécklecherweis huet onse Sozialminister Carlo Wagner sech duerch dat nostalgescht Geplänkel vun der parlamentarescher Oppositioun net aus der Rou bréngе gelooss an e Gesetzesprojet op de Wee geschéckt, dee mir am Ufank vum Summer hei ugeholl hunn. Wat d'Demokratesch Partei esou speziell houfreg mécht ass, dass an där Rentenopbesserung vu virum Summer, souwuel strukturell, wéi selektiv Mesuren dra waren, wou grad deene sozial Schwaache gehollef ginn ass.

Wa mir also deen heiten Ajustement vun 3,5% betruechten, stelle mir fest, dass de Calcul vun der Héicht vun deem Ajustement enger Rei Critèren ënnerläit, dat ass

de Rapport vun der IGSS un d'Regierung. An ech erënneren drun, dass dee leschten Ajustement op den 1. Januar 2001 3,1% war, dass deen Ajustement op den 1. Januar 1999 1,3% war. Wann ech dorobber hiweisen, wëll ech domadder soen, dass d'Héicht vun deem Ajustement haaptsächlech ofhänkt vun der Verdéngschtlag vun den Aktiven. Am Ajustement op den 1. Januar 1999 huet sech natierlech doudsécher d'Lounmoderatioun vun der Mëtt vun den 90er Jore bei der Ausrechnung bemierkbar gemaach.

Den Här Gibéryen huet allerdengs d'lescht Woch schonn hei den Ajustement vum Joer op den 1. Januar 2005 ausgerechent, well hien huet nämlech d'lescht Woch hei d'Rechnung gemaach, dat misst mindestens 3,2% ginn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dorueter.

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Dorueter, géif ech soen.

Ech ginn net op déi Polemik an, Här Gibéryen, well den Här Di Bartolomeo huet Iech virdrun drun erënnert, dass de Mechanismus vum Ajustement vun 1985 staamt, dat heescht laang ier Är Partei op dem Kiosk vun der Place d'Armes gebuer ginn ass. Mä ech mengen, d'Reserve vun de Pensiounskeesen, dat ass hei scho gesot ginn, sinn dräimol d'Joresausgaben. De Coefficient de charge, dat heescht d'Zuel vun de Pensionéierten op honnert Aktiver, ass erof op 41 gaang, plus au moins. Den Taux de cotisation bleift stabel an d'Assiette de cotisation bleift onverännert. Den Hären Di Bartolomeo a Lux hirer Partei muss ech awer aus Éierlechkeet hei gutt halen, dass an de Legislaturen 1984 bis 1994 d'Rente strukturell ëm eppes iwwer 19% an d'Luucht gesat gi sinn. Allerdéngs mat engem Deplafonnement vum Plafond cotisable.

Une voix.- Hutt Dir dat net gutt fonnt?

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Dat ass net ëmmer ganz gutt. Wann Dir uewen ewechhuelt, fir ënne bäizesetzen, dat si Mechanismen, déi si relativ ongesond.

***(Interruption)***

Jo. Am Avis vun der Chambre de Commerce...

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Hutt Dir elo Jo gesot?

***(Hilarité)***

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Neen, ech ginn net op dat doten an. Dir kennt mech jo.

***(Interruption)***

Jo, ech mengen dat och, Här Bausch. Dir hutt jo d'lescht Woch Steierpropositiounen hei gemaach, déi ech gäre schréftlech an Ärem Wahlprogramm erëmgesinn.

***(Brouhaha général)***

Den Avis vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers...

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Mä am Contraire zu Iech, hu mir net eng ganz Rei Saachen dra geschriwwen, déi mir duerno net realiséiert hunn.

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Ech verweisen nach op deen Avis vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, déi an hirem zweeten Alinea zu dësem Projet nach vum Régime contributif schreift an dëse Projet oflehnt am Hibléck op d'onsécher Finanzéierungslag, mëttel- a laangfristeg, a vun de Pensionssystemer an Europa.

Dësen Ajustement vun de Pensiounen un d'Léin vun den Aktiven ass a bleift fir d'Demokratesch Fraktioun, niewent der Indexupassung, dat heescht, un d'Liewenskäschten, dat sécherst Mëttel géint d'Altersaarmutt, well d'Pensiounen haaptsächlech deenen eelere Matbierger zegutt kommen, speziell deenen, déi nëmmen Deelrenten hunn. Dat hei ass en exemplaresch Beispill vun enger leeschtungsbezunnener Solidaritéit vis-à-vis vun enger eelerer Bevölkerungsgrupp. Aus menge positiven Ausféierunge kënnt Dir lech schonns virstellen, dass d'Demokratesch Fraktioun, ënnert dem Virsëtz vum Jean-Paul Rippinger, dëser sozial ausgeriichtener Gesetzesvirlag hir Zoustëmmung bréngt. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Krieps. Den nächsten Orateur ass den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären. Här President, ech wéilt och ufänken, andeem ech dem Rapporteur vun dësem Projet de loi, dem honorable Kolleeg Niki Bettendorf wëll merci soen. Hien ass scho bal Spezialist elo ginn an de Rapporte vun dëse Gesetzesprojeten, déi jo all zwee Joer sech hei widderhuelen. Ee vun deene leschte Projete viru Chrëschtdag ass dann all zwee Joer d'Augmentatioun vum Mindestloun, respektiv vun de Renten.

Dëse Projet ass e Projet, deen eng normal Prozedur duerchleeft, wou am Fong net vill Diskussiounsstoff dran ass, well mir eis och méi oder wéineger alleguerten eens sinn, fir déi Ajustementer regelméisseg ze maachen. En ass am Fong just am Virfeld e bëssen an d'Diskussioun komm, well en iwwert dat Normaalt erausgaangen ass, wat nun emol am Projet vun engem Ajustement dran ass. D'Regierung hat gemengt gutt ze doen, fir nach aner aacht Punkte mat an dat Gesetz hei anzebauen. Et war virun allem d'Oppositioun, déi direkt an der Kommissioun gesot huet, dass dat e schlechte politesche Stil wier, fir esou e Gesetz ze gebrauchen oder ze mëssbrauchen, fir eng Rei vun aner Politike mat anzebannen. Ech brauch net méi op déi eenzel anzegoen. Dat hu meng Virriedner gemaach.

Et ass och, mengen ech, vum Conseil d'Etat du mat Recht drop higewise ginn, dass een dat net soll esou maachen, an et ass eng Opposition formelle zu net allen, mä zu verschiddene Punkten ugekënnegt ginn. Domadder ass dann dunn am Accord mat dem zoustännege Minister an der Kommissioun décidéiert ginn, all déi Punkten, déi net mat dem Ajustement zesummenhänken, aus dem Projet erauszehuelen. Ee Punkt ass sécherlech wichteg, dat ass dee vun der Indexéierung vun den Honorairë vun den Dokteren. Ech mengen, de Kolleeg Mars Di Bartolomeo huet virdrun hei gesot, dass d'Chamber am Fong zu engem richtegen Zäitpunkt eng wesentlech Décisioun geholl huet, wéi si praktesch eestëmmeg heibannen tranchéiert huet, fir dass een net sollt vun engem Deel- oder ganzen Dekonventionement vun den Dokteren ausgoen. Dat war e wichtegen Akzent, deen d'Chamber gesat huet, a wat och sécherlech dunn der Regierung et erméiglecht huet, besser kënnen ze verhandelen, well d'Chamber an engem wesentlech Punkt eng Décisioun geholl huet.

Mir hunn och vun eiser Säit gesot, dass mir domadder averstane wieren an och géife wëssen, dass ee misst bei den Dokteren, souwuel hir Formatioun, wéi hir Responsabilitéit berücksichtegen, wann een iwwert d'Honorairen diskutéiert. Et ass e Beruff, wou ee praktesch bis 30 Joer studéiere muss. Dat muss een, mengen ech, herno, plus d'Responsabilitéit, unerkennen. Et ass awer kee Projet, deen éischtens presséiert huet, well zu deem Zäitpunkt, wéi en an d'Gesetz ageschriwwe ginn ass, ass geschwat ginn, dass Mëtt vum Joer déi nächst Indextranche géif erfalen. An der Zwëschenzäit gëtt geschwat dovun, dass se Ausganks d'nächst Joer géif erfalen, sou dass am Fong net eng Urgence bestanen huet, fir dat nach an esou e Projet eran ze huelen.

Eppes aneschters, wat ech och net verstanen hu vum Minister, well et ass jo politesch gesinn, géif ech mengen, eng positiv Saach, wann hei eng Indexéierung vun den Honorairë géif festgeschriwwe ginn am Gesetz - ee vu mengen ale Léiermeeschteren huet ëmmer gesot, et soll een ni zwee Fester matenee feieren -, ass, firwat dass d'Regierung dëse Projet wollt an en aneren integréieren. Et ass dach sécherlech méi positiv fir e Minister, wann hien esou e Punkt kann an e separate Projet maachen, fir dat no baussen an och vis-à-vis vun deene betraffene Leit kënnen ze verkafen. Mir op jidde Fall sinn net dergéint, dass d'Honorairë vun den Dokteren hei indexéiert ginn, mä...

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Entschëllegt, Här Gibéryen, dat schwätzt jo fir d'Bescheidenheet vum Minister.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- ...an där heiter Prozedur, wou mer dat an esou engem Schnellverfahre mat duerchgebaatscht hätten, wier dat sécherlech op d'Käschte vun enger fondéierter Diskussioun iwwert déi ganz Problematik gaangen. Elo, mengen ech, kréie mer dann d'Geleeënheet fir iwwert dat ganzt Thema do ze diskutéieren. Esou wäit zu deem wat aus dem Projet erausgeholl ginn ass.

Här President, deen Ajustement diskutéiere mer elo haut hei, wéi gesot, opgrond vun enger Prozedur, déi hei, mengen ech, eng Selbstverständlechkeet ginn ass, an zwar datt mer all zwee Joer iwwert d'Inspektioune rechne loossen, wat d'Gehälter an deenen zwee Joer virdrun, an dësem Fall am Joer 2000 an 2001, fir eng Evolutioun gemaach hunn. Dat ass an dësem Fall 3,5%. Mir wëssen, datt zënter enger Rei vu Joren net nëmme méi d'Gehälter aus dem Privatsecteur geholl ginn, mä datt och am Berechnungsmodus d'Gehälter vun der Fonction publique mat berücksichtegt ginn, sou datt am Fong elo d'Gesamtsalariat aus dem privaten an öffentleche Secteur gekuckt gëtt, wéi do d'Lounentwécklung an deenen zwee Joer war, wat och an der Logik ass, well jo och d'Pensionnairen alleguer, esouwuel déi aus dem private wéi aus dem öffentleche Secteur, kënne vun deem Ajustement hei profitéieren.

Dir wësst, datt den ADR déi Partei war, déi laang Joren dofir gekämpft huet, datt an der Fonction publique de System vun der Péréquatioun ofgeschaaft ginn ass - dat ass dunn och geschitt - an zënterhier ginn d'Pensiounen aus dem privaten an öffentleche Secteur zum selwechten Zäitpunkt zum selwechte Pourcentage verbessert, wat elo, wéi gesot, vum 1. Januar 2003 un de Fall erëm eng Kéier ass.

Dofir, géif ech soen, hu mer der aus der Fonction publique vill kritt. Dat huet eis awer weider net wéi gedoen, well mer einfach der Iwwerzeegung waren, datt et de richtege Wee ass, datt ee Mënsch hei am Land wéi deen anere behandelt gëtt. Haut kann een am Fong soen, datt, wa mer dee System bäibehalen hätte vun der Péréquatioun, da wieren d'Pensiounen an der Fonction publique net esou ugepasst gi wéi se momentan iwwert den Ajustement ugepasst ginn, well esouguer wa mer déi ablécklech Augmentatioun vun zweemol 1,6% géifen huelen, déi déi Aktiv géife ginn, da géifen dat 3,2% ginn. Hei gëtt et 3,5% duerch dësen Ajustement. Wa mer wëssen, datt hei jo d'Joer vun de Lounaugmentatioune vun 2000 matberücksichtegt ginn ass, wou d'Augmentatioun net 1,6 war, sou kommen am Fong déi pensionéiert Fonctionnairen duerch den Ajustement besser ewech, quitte datt en zäitverschoben ass ëm ee bis zwee Joer, mä si komme besser am Prinzip ewech, wéi wa mer nach de Péréquatiounssystem géife bäibehalen.

Haut, wann een och e bëssen an d'Gewerkschaftspress vun de Gewerkschaften, vun der Fonction publique erakuckt, hunn ech net méi festgestallt, datt een dat contestéiert huet vun deene Gewerkschaften, esouwuel am Eisebunnersecteur wéi am direkte Statssecteur, mä et hat een esouguer éischter d'Gefill wéi wa verschidde Gewerkschaften an der Fonction publique dat géifen als hiren Erfolleg dohinner stellen, datt d'Pensiounen och elo an der Fonction publique iwwert den Ajustement ugepasst ginn. Mir huelen dat zur Kenntnis, datt eben déi Situatioun sech och do berouegt huet. Mir haten eis och kee Merci erwaart, mä ech mengen et ass awer haut eng Tatsaach, datt dank där Initiativ, déi mir deemools geholl hunn, d'Péréquatioun ofgeschaaft ginn ass an duerch den Ajustement ersat ginn ass, an datt haut d'Pensiounen an der Fonction publique méi erhéicht gi wéi wa mer den Accord salarial applizéiert hätten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,...

***(Interruptions)***

Jo, et ass just mat engem Décalage vun engem bis zwee Joer, awer reell gesinn ass an deenen...

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Déi Augmentatioun hätt bedeit, Här Gibéryen, datt bei de Statsbeamten, déi zum Beispill elo déi nächst dräi Joer dräimol 1,6% kréien, do och automatesch d'Pensionären déi matkritt hätten.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ma jo.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ma rechent emol déi lescht fënnef Joer zesummen, wéi vill d'Gehälter am Stat an d'Luucht gaange sinn, da wësst Der...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir schwätze vun zwee Joer.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Wann Der iwwert déi lescht fënnef Joer kuckt, ass et eendäiteg...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, Här Bausch, do leit Der falsch. Dir kënnt ëmmer nëmme kucke wat d'Gehälter an deenen zwee Joer an d'Luucht gaange sinn a wat d'Pensiounen elo an deenen zwee Joer an d'Luucht ginn, da ginn d'Pensioune méi an d'Luucht iwwert den Ajustement wéi d'Gehälter an deenen zwee Joer an d'Luucht gaange sinn. Dat ass awer eng Tatsaach. Dir kënnt net fënnef Joer huelen, Dir kënnt ëmmer nëmmen déi zwee Joer huelen.

***(Interruptions)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt domadder just soen, datt ëmmer gesot ginn ass, datt, doduerch datt mer de Péréquatiounssystem ofgeschaaft haten an duerch den Ajustement ersat haten, d'Fonctionnairë géifen därmoossen hir Pensioune gekierzt kréien, datt dat net de Fall ass, mä datt et doriwwer eraus och eng gerecht Mesure ass, datt ee wéi deen aneren am Land behandelt gëtt.

Här President, et wier och gutt wann eng aner Iddi vum ADR respektéiert gi wier vun dëser Chamber, nämlech wa mer eng Pensiounskeess an der Fonction publique agefouert hätten. Dir wësst, wéi mer vun der Péréquatioun vun 3% vun 1993 u bis 1999 op 8% eropgaange sinn, datt mer deemools d'Propos gemaach hunn, datt een hätt sollen dee Supplément vu Cotisatiounen, amplaz datt deen direkt an de Statsbudget erëm als eng Recette gebucht gi wier, op eng Pensiounskeess fir d'Statsbeamte setzen.

Mir mussen alleguer wëssen, an et ass och haut schonn ugeklongen, datt d'Pensiounen am Privatsecteur haut, wa mer dëst Joer fäerdeg hunn, wäerten ëm 5,2 Milliarden Euro, also iwwer 200 Milliarden aler Frang Reserven hunn, mä datt mer an der Fonction publique keng Reserven hunn, datt déi mussen aus den alljährleche Budgete finanzéiert ginn. Wann et awer an deenen nächste Joren, wat keen hofft, géif Realitéit ginn, datt d'Statsrecettë géife massiv zréckgoen, dann ass et och sécherlech da vill méi schwéier fir héich Gehälter oder Pensiounen an der Fonction publique mat klengere Recettë beim Stat kënnen ze finanzéieren. Mer wëssen, datt d'CGFP jo och ëmmer eng Rechnung gemaach huet wou se gesot huet, am Fong wier esou ee Pourcentage vun de Steierrecettë vertrietbar, datt dee géif als Gehälter oder Pensiounen ausbezuelt ginn. Wa mer also mat de Steierrecetten eng Kéier géifen zréckgoen, wär et dann an där Logik, datt een och misst iwwert d'Héicht vun de Pensiounen oder Gehälter zréckdenken, wat d'Finanzéierung ubelaangt.

Duerfir hu mer vun Ufank u gesot, datt et och am Intérêt vun der Fonction publique gewiescht wier - esou wéi mer et iwwregens bei de Gemengen hunn, well bei de Gemengefonctionnairen hu mer eng Pensiounskeess, déi zwar net elo déi Deckungsrécklagen huet wéi d'Pensiounskeesen am Privatsecteur, mä déi awer eng Deckungsrécklag huet -, wann ee fir d'Statsbeamten eng Pensiounskeess gemaach hätt. Well déi jonk Leit, déi haut an der Fonction publique sinn, oder déi Aktiv, déi haut an der Fonction publique sinn, déi jo 8% Cotisatioune bezuelen, esou wéi se och am Privatsecteur bezuelt ginn, mir kënnen deenen net d'Garantie ginn, datt mer hinne mëttelfristeg kënnen déi Pensioune bezuelen, well keng Reserven, keng Fongen do sinn. Dofir kann een haut am Fong soen, datt d'Pensiounen am Privatsecteur méi garantéiert si wéi d'Pensiounen an der Fonction publique, well eben iwwer Jorzéngten am Privatsecteur Reserven ugeluegt gi sinn.

Här President, ech wëll och duerfir net elo weider nach eng Kéier hei op d'Resultater vum Rentendësch agoen. Se sinn de Moie kuerz hei ugeschloe ginn. Ech menge mir ware frou, datt mer do e wesentleche Schrack gemaach hunn a Richtung Rentegerechtegkeet, datt mer déi zwee Pensiounssystemer ee Schrack méi no unenee bruecht hunn. Mir hunn deemools als ADR eis Fuerderungen, a mir hunn dat am Kader vun de Budgetsdebatten hei nach eng Kéier diskutéiert, ervirgedroen, wat natierlech 15 Milliarde kascht. Ech hunn dat och d'lescht Woch hei gesot, dat ass nun emol eben de Präis vun der Differenz tëschent deenen zwee Regimer. Wa mer gär Rentegerechtegkeet hei am Land maachen, da musse mer eben an dee saueren Apel bäissen, a wann dat net ze finanzéieren ass, da muss ee sech d'Fro stellen, wéi et da fir deen ee Secteur finanzéierbar ass, a fir deen anere Secteur, dee seng eege Cotisatiounen, seng eege Reserve geschaaft huet, net finanzéierbar ass.

Dat wäert eng Diskussioun an der Zukunft bleiwen - ech wëll se haut hei net verdéiwen - an dat ëmsou

méi, well mer jo awer wëssen, de Kolleeg Marcel Glesener huet dat de Moie mat Recht hei gesot, datt mer och deen Ajustement hei duerchaus finanziell kënne verkraften opgrond vun deene grousse Reserven, déi do sinn. Och wann et ekonomesch wäert e bësse méi lues hei am Land goen, wäerten d'Reserven nach an deenen nächste Joren trotzdeem weider uklammen, opgrond vun deem grousse Prozentsaz, deen an deene leschte Joren an d'Luucht gaangen ass vun den Aktiven. Esouguer wann e stagnéieren an esouguer wann e liicht zréckgoe géif, géif den Iwwerschoss u Plusvaluen, dee mer an de Pensiounskeesen hunn, all Joer nach an enger Rei vu Jore weider an d'Luucht goen. Ob dat iwwer 20, 30, 40 Joer esou ze vertrieden ass, Här President, dat weess ech haut hei net ze soen.

Wa mer kucken, wéi séier dass d'Politik ännert, wa mer wëssen, dass am Fréijoer d'Haaptthema war, dass Lëtzebuerg keng 700.000 Awunner däerft kréien, a wa mer wëssen, wéi déi Evolutioun sech bannent e puer Woche gedréint huet, wou et en ekonomeschen Abroch ginn ass, da gesi mer, dass mer am Fréijoer mol net woussten, wou d'Land Ausganks des Joers géing stoen, esou dass et och wäert schwéier sinn, fir iwwer 40 Joer viraus ze kucken.

Ech sinn awer frou vum engem vun de sozialpolitesche Spriecher, vum Marcel Glesener vun der CSV, hei confirméiert kritt ze hunn, dass d'Rente sécher sinn, dass se finanzéierbar sinn, well et héiert een dat jo net ëmmer aus deem Eck do, wann ech nëmmen drun denken, dass vun no dem Rentendësch un eise Statsminister net midd gëtt, fir ëmmer ërem drop hinzeweisen, dass déi Leeschtungen, déi mer um Rentendësch duerchgesat hunn, net finanzéierbar wären. Am Kader vum Budget huet den Här Statsminister esouguer gesot, déi Leit vum Rentendësch missten hir Fuerderungen an dat, wat se duerchgesat hunn, nach eng Kéier iwwerdenken. Et gëtt systematesch versicht eng Angscht ze schüren, fir de Leit am Privatsecteur e schlecht Gewëssen ze maachen, wéi wa se déi Renten net zegutt hätten oder wéi wann dat d'Land géif un de Bord vum Ruin oder un de Rand vun senge finanzielle Capacitéite bréngen. Dobäi hunn déi Leit iwwer Jorzéngten hir Cotisatioune selwer bezuelt, keen aneren huet hinne se bezuelt. Si hunn hir Reserve selwer ugeluegt a si kréien elo vun hire Cotisatiounen dat als Pensioun, wat se selwer abezuelt hunn. Si brauchen also net dem Här Juncker oder soss engem merci ze soen, mä si hunn dat selwer an hirem Liewe geleescht fir déi Pensioun, déi se kréien.

An den Här Juncker fënnt natierlech dann och an CSV-Kreeser, am Cercle Joseph Bech, ëmmer erëm eng Ënnerstëtzung, déi nach méi wäit geet wéi den Här Juncker selwer, déi net nëmmen dem Privatsecteur mä och dem öffentleche Secteur en Deel vun senge Pensioune wëllt ewechhuelen a se zréckféieren op eng Mindestpensioun an der Héicht vum soziale Mindestloun. Dat heescht, vu gëschter u kritt, wann de Cercle Joseph Bech sech duerchsetzt, all Aarbechter, all Privatbeamten, all Bauer, all Geschäftsmann, all Fonctionnaire keng Pensioun méi, déi méi héich ass wéi 55.000 aler Lëtzebuerger Frang. Gott sei Dank huet déi Tendenz an der CSV op déi aner Parteien nach net iwwergegraff. Wéi wäit se an der CSV intern Fouss gefaasst huet, dat mécht eis awer Gedanken,…

***(Interruptions)***

…well déi Leit, déi dat geschriwwen a gesot hunn, déi sëtzen nach ëmmer fest op hire Still a maache sech och nach ëmmer breet, sou dass engem do Fuerchtbares bevirstoe kann. Ech sinn awer iwwerzeegt, dass d'Leit am Land déi Kloersiicht behalen, dass se bei den nächste Wahle wëssen, wat fir eng Partei se zumindest net däerfen ënnerstëtzen, wa se och nach gären an Zukunft hir Pensiounen einegermoosse garantéiert behalen.

Här President, dat gesot mengen ech, sollte mer alleguerte frou sinn, dëse Projet stëmmen ze kënnen. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer et erëm eestëmmeg wäerte maachen, och mat der Stëmm vum Här Santer, fir dass d'Pensionnairen aus dem privaten an aus dem öffentleche Secteur zum 1. Januar hir gerecht Upassung vun 3,5% kënne kréien.

M. le Président.- Deen nächste Riedner ass den Här Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, wann ee sech géif drop beschränken a senger Ried, fir nëmmen ze diskutéieren iwwert dat, wat mer hei um Pabeier virun eis leien hunn, da géing et ganz séier goen, da wäre mer séier fäerdeg, well eigentlech steet just den Ajustement vun 3,5% um Ordre du jour. Wann ee mat der Methodologie d'accord ass, wéi deen Ajustement berechent ass, da kënnt ee soen: Mir ginn eisen Accord an da ginn ech mech erëm sëtzen.

Ech wëll vu virera soen, dass mer den Ajustement wäerte stëmmen, wëll awer profitéieren, fir e puer méi prinzipiell Iwwerleeungen ze maachen zu der Rentepolitik insgesamt, well ech mengen, dass den Ajustement vun haut gewëssermoossen déi lescht Etapp duerstellt an de Rentenerhéijungen, déi mer am Joer 2002 virgeholl hunn. Et ass awer esou, och wann de Gros vun de Saachen, déi méi direkt décidéiert gi waren um Rentendësch, elo realiséiert gi sinn, da bleiwen eng ganz Rei Saachen opstoen, déi net um Rentendësch diskutéiert a geléist gi sinn, a well se nach net diskutéiert an net geléist gi sinn, heescht dat beileiwen net, dass se manner wichteg wären.

Den éischte Punkt op deen ech wëll agoen, dat ass, dass mer nach ëmmer de Problem vun der laangfristeger finanzieller Ofsécherung vun eisem Rentesystem hunn. Et ass jo esou, dass mer an deene leschte Méint, well déi laangfristeg finanziell Ofsécherung net garantéiert ass, déi obskursten Theorië presentéiert kritt hunn, virun allem vun enger Partei. Den Här Gibéryen huet et schonn ugeschwat. An der CSV si Proposen op den Dësch komm, déi eigentlech näischt aneschters ware wéi ee brutalen Aschnëtt an eise System vun der sozialer Sécherheet. Dofir si mer och frou driwwer, dass zumindest den aktuelle Premier- a Finanzminister vun der CSV ganz däitlech Wierder geschwat huet, fir zumindest dee Courant a senger Partei zurechtzeweisen an ze soen, dass se op deem do Punkt falsch léigen. Den Här Glesener huet dat haut nach eng Kéier widderholl.

Fir eis ass et ganz kloer als Gréng: Mir stinn zum Umlageverfahren. Mir sinn der Meenung, dass nëmmen d'Umlageverfahren als solches dat Eenzegt ass, wat eng sozial Gerechtegkeet am Renteberäich kann oprechterhalen. Alles aneschters, zum Beispill wann ee géif iwwergoen zu engem System, deen am Extrem effektiv esou kënnt ausgesinn, wéi den Här Gibéryen et virdru beschriwwen huet, féiert derzou, dass mer eng Desolidariséierung kréien an der Gesellschaft, dass déi sozial Schwaach ënnert d'Rieder geroden.

Et ass allerdéngs esou, dass eng ganz Rei Saache mer um Rentendësch um Dësch leien haten aus der Etüd eraus vum BIT, déi net vun der Hand ze weise sinn, a wou mir eigentlech bedauert hunn an och nach haut bedaueren, dass et net méiglech war iwwert de Rentendësch eraus iwwert déi méi laangfristeg Perspektiven ze diskutéieren.

Dir wësst alleguerten, dass de BIT berechent huet, dass mer, wa mer de System, wéi en haut existéiert, laangfristeg wëlle finanzéierbar halen, mer da mussen e Wirtschaftswuesstum hei zu Lëtzebuerg behale vu 4% an der Moyenne iwwert déi nächst 30, 40 Joer. Ech sinn och der Meenung, dass, wat de fundamentale Prinzip ubelaangt, deen do beschriwwe ginn ass, deen eigentlech richteg ass. Et ass leider ni fäerdeg bruecht ginn, fir am Detail driwwer ze diskutéieren, an dofir wëll ech haut e puer Wuert dozou soen, d'autant plus wou ech e Rapport kritt hunn am September vun der IGSS iwwert eise Pensiounssystem, wou eng ganz Rei Objektiver definéiert gi sinn, déi ech interessant fannen a wou ech haut der zwee wëll eraushuelen.

Firwat ass dat wichteg, dass mer dee laangfristegen héije Wuesstum mussen hunn, wa mer déi héich Qualitéit an eise Leeschtunge wëllen halen? Dat kënnt virun allem dohier, dass mer zu Lëtzebuerg eng exceptionell Situatioun hunn am Rentesystem par rapport zu ville vun eisen Nopeschlänner, déi dora besteet, dass mer een Drëttel vun eisem Rentesystem fiscaliséiert hunn. Ech weisen drop hin, dass bei deenen 8%, déi jiddfereen hei zu Lëtzebuerg an de Rentesystem cotiséiert, de Stat och 8% drop leet, dat heescht een Drëttel vum Käschtepunkt vun eisem Rentesystem. Een Drëttel vun de Recetten, déi mer hu beim Rentesystem, ass vum Stat, vun der Allgemengheet, vun de Steiergelder garantéiert.

Et ass natierlech kloer, wa mer an eng Situatioun längerfristeg kéimen, wéi déi, an där mer elo sinn - dat hu mer jo am Kader vum Budget laang a breet diskutéiert -, da géif et relativ séier enk am ordinäre Budget ginn, dat heescht, da géif et fir de Stat relativ séier enk ginn ze garantéieren, dass en déi 8% weider fir all Eenzelne kann an d'Dëppen erabréngen.

De Budgetsminister huet nach virun zwee Deeg hei gesot, dass de Moment d'Sozialausgabe beim Budget vum Stat 44% ausmaachen. Bei deene Sozialausgaben ass d'Sécurité sociale den absolut déckste Batz an et ass zimlech kloer, dass, wann et laangfristeg zu engem Konjunkturabroch kënnt, wéi mer en de Moment kennen - e muss emol net esou schlëmm bleiwen - mä wa mer net déi 4% erreechen, da geet et ganz séier an d'Richtung, dass de Stat Problemer kritt fir deen Undeel, deen en haut an d'Pensiounen erafléisse léisst u Cotisatiounen, nach kënnen ze garantéieren, an dann ass et och kloer, dass déi Reserven, déi mer hu bei de Pensiounskeesen, ganz séier opgefriess sinn a mer ganz séier wäerten e Finanzéierungsproblem kréien.

Et ass och esou, dass eigentlech fir meng Begréffer an deem Objektiv 7 vun dem Rapport vun der IGSS dat relativ gutt beschriwwe gëtt. Do gëtt nach eng Kéier erkläert, wéi de System fonctionnéiert an et gëtt drop higewisen, dass et muss fäerdeg bruecht ginn, och à la longue, en équitabelt Verhältnis ze kréien téschent der Population active an de Pensionéierten, wat de Finanzement ubelaangt vum Generatiounesystem, well soss d'Solidaritéit net méi spillt.

Wat ass d'Konsequenz, wann de Stat eng Kéier géif décidéieren, aus deene Grënn, déi ech gesot hunn, net méi esou een héijen Undeel an d'Pensiounskeesen ze bezuelen? D'Konsequenz dovunner wär, dass dann natierlech d'Assuréë selwer misste méi een héije Bäitrag bezuelen, dat heescht d'Cotisatioune géife massiv eropgoen,

Dat géif bedeiten, datt mer da ganz séier an d'Situatioune géife kommen, wéi mer se an den Nopeschlänner hunn, zum Beispill an Däitschland, wou jo ee Wahnsinnsproblem de Moment besteet fir d'Pensiounen ze finanzéieren, wou mer e komplett Mëssverhältnis kréien tëschent deenen Aktiven an deene Pensionéierten, wou deenen Aktiven en immens héijen Undeel vun hirem Loun ewech geholl gëtt fir d'Pensioune vun de Retraitéen am Moment ze bezuelen, ouni awer emol eng Garantie ze hunn, datt déijéineg, déi dann dee Moment ganz héich Cotisatioune bezuelen, en héijen Deel vun hirem aktuelle Loun mussen ofginn, selwer eng Garantie hunn, datt se déi nämlecht Pensioun awer herno kréien.

Dat heescht, mir riskéieren deementspriechend laangfristeg eng Desolidariséierung ze kréien an der Gesellschaft, wou déi Jonk sech iergendwann eng Kéier soen: Mir maachen dat do net méi mat, mir hunn dees genuch, well dat ass ee Spill wou mir eigentlech d'Verléierer derbäi sinn a wou et dann duerch déi Desolidariséierung ganz séier derzou kënnt kommen, datt de System als solches a Fro gestallt gëtt.

Dofir, wa mer haut iwwert den Ajustement décidéieren, gëtt och ganz gutt drop higewisen eigentlech an deem Rapport vun der IGSS um Schluss, an ech zitéieren dat: „Mais ce n'est qu'à condition que les ressources du régime des pensions le permettent que les pensions sont adaptées toutes les deux années par une loi spéciale à l'évolution réelle des salaires."

Dofir, wann den Här Gibéryen hei virdru gesot huet: „Et ass scho bal eng Selbstverständlechkeet ginn, datt mer all zwee Joer hei ajustéieren", da wëllt ech drop hiweisen, datt déi Selbstverständlechkeet séier kann en Enn fannen, wa mer an déi Situatioun komme wéi ech virdru gesot hunn. Ech sinn och dofir der Meenung, datt, wa mer iwwer laangfristeg Finanzéierunge schwätzen a virun allem iwwert déi Solidaritéit do schwätzen, déi ech virdru beschriwwen hunn, da komme mer och net derlaanscht fir eng Kéier iwwert eng Reform vun eisem Ajustementssystem nozedenken.

Ech sinn der Meenung a meng Fraktioun ass der Meenung, datt ee sécherlech net den Ajustement soll ofschafen, loin de là. Deen ass e gutt Instrument. Och d'Methodologie, wéi mer zur Berechnung komme vun deem Prozentsaz, ass richteg. Mä ech mengen awer, datt ee muss eng Kéier diskutéieren, zumools mer jo och elo wëssen, datt den Ajustement jiddfereen hei zu Lëtzebuerg betrëfft, ob en aus deem engen oder anere Régime kënnt, iwwert de Plafonnement beim Ajustement.

Fir eis als Gréng ass et op alle Fall kloer: De legale System kann net dofir do si fir d'Pensiounen an egal wat fir enger Héicht weiderhin op déi do Aart a Weis an Zukunft ze ajustéieren. Mir sinn der Meenung, datt dat net tragbar ass, d'autant plus wou mer och nach am leschte Joer bei der Steierreform nei generéis Instrumenter geschafen hunn, wou déi Leit, déi ganz héich Gehälter hunn, och nach iwwert de Steiersystem elo sech kënnen zousazverséchere goen an donc sech op hir héich Pensioun, déi se haut schonn hunn, déi mer duerch de legale System garantéieren, och nach kënnen eppes drop leeën iwwert d'Steierabattemente vun deene se kënne profitéiere fir Zousazpensiounen opzebauen.

Ech menge mir fueren do entretremps zwee- wann net dräispureg an deem do Beräich. Dofir sinn ech der Meenung, vu datt mer déi Instrumenter do geschafen hunn, datt dat Matière à discuter ass, an datt bei deene Leit wou mer dee Revenu usetzen, dat sécherlech net ganz ënne soll ugesat ginn; et soll sécherlech en uerdentleche Revenu sinn an der Retraite, deen de legale System garantéiert. Mä ech mengen et muss een iergendwou eng Kéier ee Plafong setzen an da muss een driwwer diskutéiere kënnen, ob et doriwwer eraus dann net einfach normal ass, datt déi Leit, déi an hirer aktiver Carrière e ganz héicht Gehalt hunn, en plus wou se nach vun deenen Abattemente steierlech kënne profitéieren, wa se da wëllen och nach méi eng héich Pensioun herno hunn, selwer dofir suerge sollen, datt se dat, wat se iwwert dee legale System eraus versprach kréien, och nach an Zukunft dann an hirer Pensioun kënne kréien, andeem se sech selwer versécheren.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir hunn e Plafond cotisable am Privatsecteur.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här Gibéryen, och de Plafond cotisable…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wann d'Leit cotiséiere bis op deen Niveau, da mussen och hir Revenuen…

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här Gibéryen, dat ass richteg vun dem Plafond cotisable am Privatsecteur, mä esouguer deen ass am Verhältnis héich ugesat. Ech sinn net der Meenung, datt ee muss, wann een ajustéiert, ëmmer och bis op de Plafond cotisable ajustéieren. Ech fannen, datt et duerchweegs misst méiglech sinn ze diskutéieren, ob ee seet: Déi 3,5%, mir ajustéieren déi bis op ee gewëssent Gehalt. Dat heescht, datt am Fong ab engem gewëssene Gehalt fir déi Leit just ee Sockelbetrag spillt, an datt vun do un hiert Gehalt net méi ajustéiert gëtt. Dat heescht, et soll jiddfereen eppes kréien, dat ass kloer, egal wéi héich seng Pensioun oder säi Gehalt ass herno, mä et soll ee plafonnéieren. Ech mengen, datt dat eng Mesure ass, déi sécherlech am Intérêt ass, virun allem vun deene klenge Pensiounen, wa mer wëlle laangfristeg de System esou an där Qualitéit assuréieren, wéi mer dat haut maachen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här Bausch, mir sinn eis jo eens, doriwwer kann een diskutéieren, mä mer sinn eis jo awer eens, datt dat da fir sämtlech Pensionnairen ass.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Selbstverständlech, dat muss fir sämtlech Pensionnairë gëllen, egal ob se aus dem öffentlechen oder dem private Secteur kommen.

Ech kommen dann, Här President, zu engem anere Punkt, dee menger Meenung no och ganz wichteg ass am Zesummenhang mat éischtens der Gerechtegkeet am System. Dat heescht, et gëtt menger Meenung no nach ëmmer ee grousse Schwaachpunkt generell an eisem Rentesystem. Et ass e Fait, datt mer, wat Männer a Fraen ubelaangt an eisem System, nach ëmmer ee Problem hunn, datt et einfach haaptsächlech Frae sinn, déi duerch spezifesch Liewenssituatiounen herno, nämlech duerch de Fait, datt se kenger aktiver Beschäftegung noginn, a Situatioune kënne geroden, datt se herno ofrutschen an d'Aarmutt, et kann ee bal soen op ee soziale Minimum, well mer nun eemol eng Situatioun hunn déi opbaut op den Droits dérivés, wéi mer se haut kennen.

Et ass nun eemol esou, wann eng Fra mat 40 Joer gescheet gëtt an da mat 42 oder 43 Joer erëm

ufänkt eng aktiv Beschäftegung unzehuelen an da cotiséiert, dann ass et zimlech kloer, vu datt se näischt vun hirem Partner zegutt huet, mat deem se während esou vill Joer zesumme gelieft huet, datt se herno an hirer Rent, déi se sech dann opbaut, net vill kann erauskréien. An dann ass et natierlech evident, jee nodeem wéi spéit se an déi do Situatioun kënnt, kënnt se jee nodeem natierlech nach schlechter ewech, a mir sinn nach ëmmer prinzipiell der Meenung, datt een deen do Problem nëmmen an de Gréff kritt, andeem een an eng Richtung geet vun der Individualiséierung vun de Rechter.

Mä ech sinn awer och der Meenung, datt, esouguer wat de finanzielle Volet ubelaangt, d'Individualiséierung vun de Rechter ee wichtegen Thema ass. Et ass och esou, datt am Objektiv 10 vum Rapport vun der IGSS, deen elo den 30. September 2002 erauskomm ass, dee ganze Beräich beschriwwe gëtt an drop verwise gëtt, datt dat och um europäeschen Niveau, also dat heescht am Kader vun der Europäescher Unioun, e grousst Besuergnes ass, datt also e groussen Drock entsteet fir an déi do Richtung eppes ze maachen. Och d'Kommissioun gëtt eng ganz Rei Recommandatioune fir do ze handelen.

Mir wëssen, datt um Rentendësch op Drock hin - virun allem géif ech esouguer soe vun deene Gréngen - an der Schlussdeklaratioun eppes festgehale ginn ass, nämlech fir een Aarbechtsgrupp anzesetze fir an déi do Richtung eppes ze analyséieren an ze kucke wéi dat machbar ass, wéi een och eng Transitioun kritt, laangfristeg gesinn, zu esou engem System. Et ass zimlech kloer: Ännerungen am Rentesystem, déi kann een net bannent enger Generatioun maachen, déi kann een nëmme laangfristeg usetzen. Déi mussen iwwert eng Generatioun eraus goen duerch eben d'Komplexitéit vum System, mat deem mer hei ze dinn hunn. Dat war nach ëmmer eis Iwwerzeegung. Esou ass et natierlech och hei sécherlech de Fall, datt een net ka bannent enger Generatioun brutal Ännerunge maachen, mä et muss een dat iwwer laangfristeg Zilsetzungen upeilen.

Deen Aarbechtsgrupp do soll an déi do Richtung schaffen. Bis elo weess ech allerdéngs net esou richteg, wat an deem Aarbechtsgrupp erauskomm ass oder wat do gemaach ginn ass. Ech hunn esou e bëssen de béise Verdacht, datt nach net ganz vill do geschitt ass. Ech wär frou wann de Minister vun der Sécurité sociale haut géing profitéiere vun dëser Geleeënheet, fir eis dann emol ze soe wou deen Aarbechtsgrupp drun ass a wéini e gedenkt, datt éischt Zwëscheresultater erauskommen.

Ech wëll awer och nach op een aneren Aspekt hiweisen, deen an deem dote Kader wichteg ass. Dat ass dee vun der Fraebeschäftegungsquot, deen och an deem Objektiv 10 hei gutt, menger Meenung no, beschriwwe gëtt a wou och eng Rei vu Recommandatioune gemaach ginn. Et ass esou, wa mer wëllen deen héijen Niveau halen an eisem Rentesystem, hunn ech virdru gesot, da musse mer héich Croissancen hunn. Mer mussen awer op där anerer Säit en héijen Emploi hunn. Mir mussen den Niveau vun deene Cotisatioune mindestens op deem Niveau halen, wann net esouguer nach dauernd steigeren.

Et ass esou, datt mer jo och zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren dat fäerdeg bruecht hunn. Esouguer am Moment wou mer an enger Phas si wou d'Konjunktur méi lues geet, stelle mer fest, datt den Emploi trotzdeem ënnert dem Stréch nach liicht an d'Luucht geet. Mä de Problem dee sech eng Kéier fir eis stellt, an dat gesi mer jo haut schonn, ass, datt mer ëmmer méi Schwieregkeete kréie fir deen Emploi ze besetzen, datt mer ëmmer méi wäit musse siche goe fir nach Leit ze fannen, déi zu Lëtzebuerg deen Emploi besetzen, mat allen negative Konsequenzen déi dat huet am Beräich Landesplanung, mat allen negative Konsequenzen déi dat huet wat nei Infrastrukturkäschten ubelaangt fir déi Leit, déi mer dann op Lëtzebuerg unzéien.

Et gëtt awer nun eemol een Deel vun eiser Populatioun, wou mer ganz genau wëssen dass mer nach eng grouss Reserv hunn, fir kënnen den Emploi ze besetzen, an dat sinn d'Fraen. Mir sinn zu Lëtzebuerg nach ëmmer zimlech um Wupp vun der Europäescher Unioun wat d'Fraebeschäftegungsquot ubelaangt. Mir sinn esouguer, wann ech eis vergläiche mat deene méi nordesche Länner - haaptsächlech d'skandinavesch Länner -, extrem wäit hannen. Do si bei Wäitem méi grouss Efforte gemaach ginn a mir musse kucken, och am Kontext an am Intérêt vun der laangfristeger Ofsécherung - wéi gesot - vun eisem Rentesystem, deen doten Aspekt méi detailléiert ze diskutéieren a méi Efforten ze maache fir do e Schratt weider ze kommen. Ech hoffen, datt den Här Minister eis herno vläicht do kann e puer éischt konkret Indicatioune ginn, wéi wäit datt en do ass.

En drëtte Punkt deen ech nach wollt uschwätzen, deen eigentlech och op de Rentendësch verlagert ginn ass a wou just gesot ginn ass, datt en Aarbechtsgrupp géing agesat ginn, ass dee fir ze kucken, nei Finanzéierungsquellen ze erschléissen, fir déi laangfristeg finanziell Ofsécherung vun eisem System ze garantéieren.

Mir wëssen alleguerten datt déi Lounbezunnenheet vun de Recetten, déi mer haut hunn, sécherlech Virdeeler huet well se mol éischtens erlaabt e kloren Iwwerbléck ze behalen, wie wat beim Finanzement vun der sozialer Sécherheet bäidréit. Mer wëssen awer entre-temps och, datt et eng ganz Rei Betriber oder ekonomesch Secteure gëtt, déi eigentlech näischt méi an d'sozial Sécherheet bezuelen, well mer déi Lounbezunnenheet do hunn. Well et ass nun emol esou, datt ee Betrib, dee wéineg, fir net ze soe bal keng Leit méi beschäftegt, dee bezilt och ganz wéineg, fir net ze soe bal näischt méi, an d'sozial Sécherheet.

De Solidarmodell, op dee mer hei zu Lëtzebuerg, an iwwerhaapt nach an den europäesche Länner, eis Pensiounssystemer opgebaut hunn, deen hat awer am Ursprung eben och déi Iddi, datt d'Betriber hire Beitrag sollen dozou bäidroen, fir dëse Solidarmodell ze finanzéieren. An ech mengen, datt een dofir muss eng eeschthaft Diskussioun féieren, fir en neie System vu Cotisatioune fir déi Betriber anzeféieren, déi net esou aarbechtsintensiv sinn, an dat aus zwee Grënn:

Éischtens ass et esou, datt et oft déi Betriber oder déi Secteure sinn, déi bei Wäitem méi Benefisser maachen, wéi déi, déi lounintensiv sinn. An zweetens ass et jo och esou datt, souguer am Intérêt vun de Betriber, et laangfristeg esou muss sinn, datt mer och do tëschent de Betriber eng besser Solidariséierung kréien, datt mer net dauernd déi penaliséieren, déi nach Leit beschäftegen, déi also nach mënschlech Aarbechtskraaft an hire Betriber beschäftegen, an déi belounen, déi eigentlech am meeschten dofir suergen, datt keng mënschlech Aarbechtskraaft méi an hirem Betrib schafft.

An och dat, fir iwwert déi nei Finanzéierungsquellen ze diskutéieren, hate mir als Gréng, als mëttelbis laangfristeg Optioun, um Rentendësch erabruecht.

Et gëtt entre-temps eng Rei Pisten, wat ee sech do alles kënnt virstellen, déi och am Ausland duerch Etüden opgewise ginn. Et war natierlech kloer, datt een an där kuerzer Zäit um Rentendësch déi do Problemer net kënnt léisen, an dofir ass an der Schlussdeklaratioun décidéiert ginn, datt och do en Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff soll ginn, dee sech mat deem Volet soll beschäftegen.

Och do weess ech emol net esou richteg, ob et entre-temps am Ministère iwwerhaapt en Aarbechtsgrupp gëtt. Beim éischte Punkt, hunn ech gesot, do weess ech datt et ee gëtt ; bei deem hei weess ech iwwerhaapt net ob et ee gëtt an ech wär frou wann den Här Minister mer herno kënnt soen ob hien deen Aarbechtsgrupp agesat huet, a wa jo, wien do dra sëtzt respektiv wéi wäit datt d'Aarbechte vun deem Grupp sinn.

An da wëll ech zum Schluss nach just zwee Sätz zu deem Aspekt, deen den Här Gibéryen virdrun hei ugeschwat huet, soen. Dat éischt wat ech him wëll soen, dat ass datt ech net mat him averstane sinn, datt d'Statsbeamten duerch den Ajustement an der Moyenne besser ewech kéime wéi duerch d'Péréquatioun. Ech ginn him zwar Recht, am Sënn vun enger globaler Gerechtegkeet, datt dat, wat mer haut hunn, méi richteg ass. Do ginn ech him 100%eg Recht. Hei gëtt elo ee behandelt wéi deen aneren, d'Pensioune gi gläichméisseg ajustéiert, egal a wat fir engem System dass een ass; also do sinn ech 100%eg mat him d'accord.

Mä wann een zum Beispill op déi lescht fënnef Joer kuckt - an et deet mer Leed, Här Gibéryen, ech wëll Iech drop hiweisen, déi meescht Accords salariaux an der Vergaangenheet si meeschtens op zwee Joer an net op dräi Joer ofgeschloss ginn -, wann ech dës Legislaturperiod huelen, déi mer elo d'nächst Joer ofschléissen, da kann een duerchweegs gesinn, datt d'Statsbeamte bei der Péréquatioun besser ewech komm wären.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech mengen, Dir kënnt ëmmer nëmmen zwee Joer kucken.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, Här Gibéryen, Dir kënnt et dréie wéi Dir wëllt. Ech wëll Iech just soen, datt wann ech weess, datt am öffentleche Secteur iwwer fënnef Joer - ech weess et elo net méi genau, well ech de Prozentsaz vun deenen éischten zwee Joer net méi genau weess -, d'Gehälter ëm ronn 10% an d'Luucht gaange sinn, da wären d'Rente bei der Péréquatioun a fënnef Joer ëm 10% an d'Luucht gaangen, beim Ajustement awer nëmme maximal tëschent 6 a 7%. Et ass also ganz kloer, dass duerch d'Ofschafe vun der Péréquatioun d'Statsbeamten do verluer hunn.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Neen, neen.

Une voix.- Här Bausch, Dir hutt Recht.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Dat kann een och iwwert déi lescht Joren novollzéien.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat ass net richteg.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech wëll awer elo net weider mat Iech doriwwer streiden; ech ginn Iech Recht, datt et fir d'Gerechtegkeet besser ass, esou wéi et haut ass.

Da wëll ech Iech awer soen, dass ech 100%eg mat Iech d'accord sinn iwwert dee Mëssstand, datt am öffentleche Secteur keng Pensiounskeess geschafe ginn ass, a virun allem fir deen neie Regime dee mer agefouert hunn.

Wéi mer d'Péréquatioun ofgeschaaft hunn, ass jo gläichzäiteg och eng gläichwäerteg Cotisatioun fir d'Statsbeamten agefouert ginn, wéi se am Privatsecteur besteet. Am Contraire zum Privatsecteur ass et de Moment esou, datt déi 8%, déi d'Leit cotiséieren, net an eng Keess fléissen, mä einfach an de Statsbudget. An da kënnt jo nach dobäi - dat muss ee wëssen, datt de Stat jo do och nach eng Contrepartie vun 8% muss liwweren, sou wéi hien et am Privatsecteur mécht.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- A beim Stat.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Dat heescht op all Gehalt vun all Statsbeamten oder öffentlechem Beamten hei am Land, kommen um Enn vum Mount 16% Cotisatioun an de Statsbudget. Bon, dat ass zwar a sech do "donnant donnant", mä et wier sécherlech am Intérêt vun de Statsbeamte gewiescht, fir datt se géife wësse wou se dru sinn, datt genau definéiert wär, wou déi Sue sinn a wat mat deene Sue geschitt.

De Moment kann de Stat locker vum Hocker higoen an egal wat domadder finanzéieren. Hie ka mat deene Sue Stroosse bauen, hie ka mat deene Sue maache wat hie wëllt, et ass am Budget net sichtbar, wou déi Reserven, déi Suen, déi do iwwer Joren opgebaut gi sinn, sinn.

An ech si sécher datt dat irgendwann eng Kéier an deenen nächste Joren, a virun allem beim neie Regime, zu heftege Konflikter wäert féieren, sécherlech net an deenen nächste Joren, mä an 10, 15 oder 20 Joer, dat weess een ni, an datt eng Kéier eng Generatioun vu Statsbeamten oder öffentleche Beamten domm drakucke wäert, wa se mierken, datt si eigentlech keng Reserven hunn, well effektiv déi Gelder einfach an de Budget gefloss sinn an et guer net kloer ass wéivill iwwert déi Joren do zesumme komm ass. An da wäert de Sträitpunkt lassgoen an dat wäert da vill Freed ginn, wann dann iwwer 20 Joer nogerechent gëtt, wéivill dat da soll sinn.

Ech ginn also dem Här Gibéryen total Recht, an ech sinn och der Meenung, datt et do verpasst ginn ass, fir esou eng Pensiounskeess anzeféieren.

Dat gesot, Här President, wëll ech awer nach eng Kéier betounen, datt déi méi prinzipiell Bemierkunge wierklech extrem wichteg sinn, datt mer déi eescht huelen an drun eruginn, an net elo mengen de Problem vun de Renten, haaptsächlech dee vun der finanzieller Ofsécherung, wär geléist, an e wëll den Accord vun eiser Fraktioun bréngen, fir den Ajustement vun dësem Joer ze stëmmen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et gëtt an der Sozialgeschicht vun eisem Land keng aner Institutioun, déi esou nohalteg op de Liewensniveau an op d'Liewensgefill vun de Leit agewierkt hätt, wéi déi vun der Sécurité sociale. Si huet eis vergiesse gedoen, wat et heescht krank ze sinn a sech net fleegen ze kënnen, well keng Suen do sinn. Si huet domat och eng prodigiéis Entwécklung vun enger demokratescher Medizin garantéiert, wou sech am Verhältnis Dokter-Patient keng béidsäiteg Suergen ëm d'Geld ageschlach huet, wéi dat an anere liberale Beruffer de Fall ass. D'Entwécklung vun der Medezin huet zu enger Verlängerung vum Liewen ënner bessere Bedingunge bäigedroen.

An dann eist Pensiounswiesen. Wat fir eng revolutionär Errungenschaft, wann een d'Situatioun mat där am 19. Jorhonnert vergläicht, wou d'Gesondheet während engem 16-Stonnen-Dag an de Fabricke verschlass ginn ass an dann op den Trottoir gehäit ginn ass wann d'Aarbechtskraaft ausgenotzt war. An dann am beschte Fall konnt op d'Famill, op d'Assistance publique oder op e puer Erspuernisser fir d'Liewensenn zréckgegraff ginn.

Den Ekonomist Bernard Friot huet dee radikalen erneierende Charakter vum Pensiounswiesen an der Revue française des Affaires sociales N°3 vum Joer 2000 folgendermoosse plastesch beschriwwen: „Le fondement du bonheur des retraités" - huet hie geschriwwen - „c'est qu'ils vivent la nouveauté inouïe d'être payés pour être libres. Ils sont payés, ils ne touchent pas une allocation publique au titre de la solidarité nationale envers les personnes âgées, mais du salaire au titre d'un contrat entre employeur et salarié. Comme les salaires directs, les pensions sont financées par des cotisations versées par les employeurs à l'occasion des emplois. Proportionnelles à ces salaires directs, les cotisations sont immédiatement dépensées et non pas accumulées dans des fonds d'épargne. Elles ouvrent droit à des pensions proportionnelles aux salaires directs et référées comme eux à la qualification. Et ils sont payés pour utiliser librement leur temps. Ils ne doivent rien à quelque employeur que ce soit, et tous ceux qui sont en bonne santé, disent leur bonheur de pouvoir travailler (parfois comme ils ne l'ont jamais fait avec une telle intensité) librement."

D'Sécurité sociale, mengt och deeselwechte Bernard Friot, dat ass am Fong geholl d'Unerkennung vun der Situatioun ausserhalb vun der Aarbecht vun deene Leit déi schaffen, duerch en indirekte Loun, dee se während hirer Aarbecht a Form vu Sozialbeiträg bezuelt kréien.

D'Leit sinn duerch déi Situatioun net nëmme méi eng Force de travail, si hunn net nëmme méi eng Valeur marchande, mä si hunn an der Gesellschaft e Statut, deen iwwert déi reng Valeur marchande vun hirer Aarbechtskraaft am Betrib eraus geet, grad esou wéi och e Kollektivvertrag oder d'Aarbechtsgesetz de Leit esou e Statut séchert.

A mer sinn hei am Fong geholl och e bësse bei där Notioun - elo geet den Här Glesener eraus -, déi mer gëschter diskutéiert hunn, vun der Valeur fondamentale du travail. An ech fannen op déi Notioun misste mer an Zukunft nach zréckkommen, sou wéi op d'Fro vum Wäert vun der Aarbecht, an och op d'Fro: Wie schaaft iwwerhaapt d'Wäerter vun der Aarbecht an eiser Gesellschaft, an dat besonnesch well jo zënter méi wéi zéng Joer versicht gëtt, d'Fundamenter vun der Sécurité sociale, vun eisem Krankekeesen- a Pensiounswiesen, a Fro ze stellen.

Et ass virdrun hei den Numm vum Cercle Joseph Bech gefall, mä dat geet jo wäit iwwer esou kleng marginal Zierkelen eraus, marginal an der Quantitéit, wëll ech soen.

***(Brouhaha général)***

Mä si drécke jo awer eppes aus, wat vill méi déif ass a vill méi verwuerzelt ass an der Gesellschaft, a wat jo versicht ginn ass schonn zënter zéng Joer op d'mannst an eiser Gesellschaft déif ze verwuerzelen.

Mam Argument gëtt operéiert, eis Securité sociale wier net méi ze finanzéieren. Dat also, wat d'Leit virun allem ugesinn als eng kolossal Verbesserung vun hirem Liewen - „le bonheur", seet de Bernard Friot, deen ech virdrun zitéiert hunn, d'Gléck, dat ass dat, wat d'Sécurité sociale fir d'Leit

ass, dat ass dat, wat natierlech eng anstänneg Rent fir d'Leit duerstellt - dat gëtt am politeschen Discours ëmgewandelt an e Problem: d'Rentemauer.

Dat ass am Fong geholl dat, wat mir elo zënter zéng Joer an där Diskussioun do erliewen. A wa mir gewësse Reklammefilmercher kucke vu Liewensversécherungen, da gi Kanner gewisen, déi sech un de Kapp weise mam Fanger, wa si op d'Fro mussen äntwerten, ob si wëlle fir d'Pensioun vun hiren Elteren opkommen. Dat heescht mat der Urangscht vun de Leit, am Alter eleng gelooss ze ginn, gëtt op eng ganz tiefenpsychologesch Manéier versicht, Reklamm ze maache fir eng privat Versécherung.

Et ass ee vun deene gréisste Mythen, menger Meenung no, vun der leschter Zäit, an eng vun deene gréissten intellektuellen Onéierlechkeeten dernieft, fir d'Leit gleewen ze dinn, Privatpensiounsfonge wiere méi à même dem Finanzéierungsproblem bäizekommen, wéi eng öffentlech sozial Versécherung nom Ëmlageverfahren.

Wouranner besteet de Finanzéierungsproblem? Ma natierlech doranner, dass duerch déi eegen Dynamik vun der Sécurité sociale, vun där ech virdru geschwat hunn, d'Leit méi al ginn. Et kann een et och positiv ausdrécken a soen, d'Leit bleiwe méi laang jonk. Dat ass och eng Aart a Weis, fir deeselwechte Problem auszedrécken. Si mussen also och méi laang medezinesch betreit ginn a si musse méi laang eng Rent kréien. Dat ass jo den eigentleche Finanzéierungsproblem.

Elo muss een awer soen: Och e Pensiounsfong finanzéiert seng Renten a fofzeg Joer aus deeneselwechte Quelle wéi e Verséicherungswiesen nom Ëmlageverfahren. Well fir déi Suen ze hunn, fir da seng Renten ze finanzéieren, muss hien a fofzeg Joer seng Aktie verkafen. Et gëtt souguer behaapt, dass déi amerikanesch Pensiounsfongen, déi jo schonn zënter Jorzéngte bestinn, géife grad zu dësem Zäitpunkt an Europa kommen, well si à maturité komm wieren. Dat heescht, dass den Taux de charges tëschent Aktiven a Pensionnairë sech esou verschlechtert huet, dass si elo mussen no frëschem Geld sichen, fir hir Renten ze bezuelen. Wann een eng Aktie iergendwou huet, da sinn dat jo keng Suen! Dat si Besëtzschäiner, déi hirem Besëtzer d'Recht ginn en Deel vun de Suen opzehiewen, déi an der reeler Wirtschaft vun den Aarbechter a vun de Beamten all Dag erschafft ginn.

Deen eigentlechen Ënnerscheed tëschent der Sécurité sociale an de private Pensiounsfonge läit also och net onbedéngt doran, dass déi eng op der Bourse spekuléieren an déi aner net. Mir hu gesinn, dass och dem öffentleche Pensiounsfong, der grousser Reserv vun der Sécurité sociale, ugerode ginn ass op der Bourse ze spekuléieren. Do kann also net déi eigentlech Differenz leien, mä déi eigentlech Differenz läit an der Kontroll an am Besëtz vun deem Ganzen.

Éischtens: D'Assurés vun der Sécurité sociale kënnen d'Sécurité sociale selwer verwalten, ënnert der demokratescher Kontroll vun der Öffentlechkeet, vum Stat an och vum Parlament. Zweetens funktionéieren déi Keesen nom solidaresche Prinzip. Dat heescht d'Recht op Prestatiounen huet een, wann een och am Besoin ass a wann een d'Konditiounen erfëllt, fir se ze kréien. Sief et, dass ee krank oder schwanger ass, oder dass ee seng Pensioun beansprucht. Dat ass evidenterweis bei private Fongen net onbedéngt de Fall.

Drëttens ënnerscheeden se sech och nach duerch de Finanzéierungsmodus, well deen den direkten Zesummenhang mat der Aarbecht a mam Salaire hierstellt, d'Cotisatioun ass proportional zum Salaire. En Drëttel ass zwar fiskaliséiert, an do gëtt iwwert d'Solidarité nationale dann och en Deel bezuelt. Selbstverständlech muss een och iwwert deen Deel diskutéieren. Mä ech mengen, wichteg ass et, dass den Haaptdeel ganz kloer aus der Aarbecht kënnt.

Also an Zukunft muss ouni Zweifel ëmmer méi e groussen Deel vum erschaafte Räichtum fir d'sozial Sécherheet geholl ginn. Dat werft eng Rei vu Verdeelungsfroen op. Dat ass déi ganz Fro vun der Finanzéierung, wéi se hei och ugeschnidde ginn ass. Wann d'Cotisatiounen an d'Luucht ginn, schmälert dat de Profit vun deene Leit, déi d'Betriber besëtzen, well et ass jo kloer, d'Patrone bezuelen esouwuel d'Part patronale, wéi och d'Part salariale, als Unerkennung fir déi Aarbecht, déi se kréien. Et kann awer och esou sinn, wann am Betrib e schlecht Kräfteverhältnis ass - an duerfir ass et och wichteg, dass d'Gewerkschaften do sinn, fir am Betrib fir e richtegt Kräfteverhältnis ze suergen - da kéint et natierlech och sinn, dass den Nettoloun geschmälert gëtt, amplaz de Profit an de Betriber. Duerfir hänken all déi Froe ganz enk mateneen zesummen.

Eng weider Fro vun der Ëmverdeelung ass déi: Sollen d'Leit dann elo méi laang schaffe goen, wéi dat heiansdo verlaangt gëtt, an domat hirer Gesondheet schueden, jee nodeem, wou se méi laang schaffe goe sollen? Ech schwätzen elo net vun der allgemenger Fro vun der Aktivitéit am Alter, mä vun der ordonnéierter Aktivitéit eleng nëmme mat deem Zil, wéi et jo och den europäesche Virgaben entsprécht, fir d'Rentesystemer ze finanzéieren.

Am Mëttelpunkt vun der Rentendebatt stinn also zentral Verdeelungsfroen. Och zum Beispill Verdeelungsfroen zwëschent dem Verhältnis vun den direkte Léin an enger Gesellschaft an den indirekte Léin, wéi d'Sécurité sociale et duerstellt. Et geet och ëm d'Fro vun der Solidaritéit zwëschent deenen, déi besser verdéngen, an deenen, déi manner gutt verdéngen. Den Här Bausch huet virdru virgeschloen, wann ech hie richteg verstanen hunn, de Cotisatiounsplafong an der Sécurité sociale erofzesetzen. Ech sinn éischter der Meenung, de Cotisatiounsplafong soll an d'Luucht gesat ginn oder souguer ganz ofgeschaaft ginn, fir och déi Solidaritéit zwëschent deenen, déi eng besser Pai hunn, an deenen, déi keng esou eng gutt Pai hunn, ze garantéieren.

Dat si Froen, déi muss een alleguerten eng Kéier ganz seriö diskutéieren. Dat sinn zentral Verdeelungsfroen. Sécher ass op jidde Fall, an dat hunn déi lescht zéng bis 20 Joer gewisen, dass d'Verhältnis sech zwëschent de Revenuë vum Kapital an de Revenuë vun der Aarbecht global verschlechtert huet au détriment vun deene vun der Aarbecht. Et muss alles gemaach ginn, fir dat Verhältnis ze redresséieren. All Moossnam, déi dozou féiert, fir dat Verhältnis ze redresséieren ass prinzipiell eng positiv Moossnam, esou also och dësen Ajustement, deem ech heimat wëll meng Zoustëmmung ginn.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech hei d'Wuert ergräifen, esou ass et, fir drop hinzeweisen, dass trotz aller Euphorie, déi bei dësem Gesetzesprojet virläit, awer eng Rei Leit vergiess gi sinn, nämlech déi, déi weder duerch dësen Ajustement nach duerch d'Opbesserunge vun de Léin a Gehälter an de Betriber eppes bäikréien, an dat sinn déi Leit, déi an der Préretraite sinn. Dat heescht déi Leit, déi an der Préretraite sinn, kréie bis bal véier Joer, wou se kënnen an der Préretraite sinn, während deene véier Joer vu kenger Säit eppes bäi. Ech emfannen dat awer als Ongerechtegkeet an ech hunn et och schonn e puermol hei ugeschnidden. Si kréien awer, fir richteg ze bleiwen, fiktiv déi 8%, déi mir elo dëst Joer gestëmmt hu bei de Renten, op deem Montant bäi, dee se an der Prépensioun zegutt hätten.

Et ass awer esou, dass mir säit 1993 e Gesetz hunn, wat seet, dass dee Montant, deen d'Leit als Prépensioun zegutt hätten, vun de Pensiounskeesen op de Fonds pour l'emploi iwwerwise gëtt, fir en Deel vun der Préretraite ze bezuelen. Elo kann et awer esou sinn, dass déi Leit, déi an der Préretraite sinn, an - ech ginn elo e Beispill - 80.000 Frang Préretraite hunn, an awer zum Beispill 90.000 Frang Prépensioun zegutt hätten, mä déi awer net gewiesselt hunn an och vläicht net wëssen, dass se wiessele kënnen, dass dann dës Augmentatioun, déi mir elo hei stëmme bei de Pensiounen, an d'Statskeess geet. Dat ass deen ee Fall.

Deen zweete Fall ass, dass ech net kann domat d'accord sinn, dass aus de Pensiounsfonge Suen erausgeholl ginn, fir de Fonds pour l'emploi ze speisen, well de Fonds pour l'emploi ass eng Beschäftegungsmesure an d'Rente sollen an de Rentekeese bleiwen, zumools, wou mir jo elo hei schonn an der Diskussioun sinn, dass mir de Leit e schlecht Gewëssen arieden, well mir d'Rente geschwënn net méi kéinte bezuelen. Da musse mir och dofir suergen, dass déi Suen, déi an de Rentekeese sinn a vum Privatsecteur erschafft gi sinn, och do dra bleiwen an net eriwwerdrainéiert ginn an de Statsbudget, deen op eemol elo net méi opgeet. Vun 1993 u sinn dat bal zéng Milliarden.

Dat heescht 10 Milliarden aler Frang, déi am Rentefong, deen elo 200 Milliarden ass, feelen. Et wär also sënnvoll…

***(Interruption)***

Wat gelift? Déi kommen an de Fonds pour l'emploi an domadder gëtt d'Préretraite bezuelt.

Et ass ee Gesetz vun 1993 wat hei gestëmmt ginn ass. Et ass net richteg, dass de Stat déi Augmentatiounen, déi elo hei gestëmmt ginn, an d'Statskeess gëtt, well de Fonds pour l'emploi bezilt nëmmen de Montant vun der Préretraite un de Préretraitebezéier, an dat wat e vun de Pensioune weider iwwerwise kritt geet an d'Statskeess. Dat bleift am Fonds pour l'emploi an dat ass net richteg. Zumools wou jo och schonn all Rentner säi Beitrag fir de Fonds pour l'emploi iwwert d'Solidaritéitsteier leescht.

Ech hat hei eng Proposition de loi deponéiert fir dat erëm riicht ze béien, dass sollen déi Suen am Rentefong bleiwen. Ech weess net ob déi Proposition de loi jeemools eng Kéier hei zur Diskussioun kënnt oder ob se schonn am ronnen Dossier verschwonnen ass? Op jidde Fall wär et awer elo sënnvoll, zumools an dëser Situatioun, wou mer jo vu Fonge schwätzen, dass mer do géife suergen, dass iwwerall déi Fongen do bleiwe wou se higehéieren an dass net Fonge vun de Pensiounskeesen zweckentfriemt gi fir Beschäftegungsmesuren ze bezuelen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Minister vun der Sécurité sociale Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt selbstverständlech mech och fir d'éischt mol uschléissen un d'Félicitatiounen un de Rapporteur, deen effektiv een excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport gemaach huet.

Et ass haut hei vu praktesch sämtleche Riedner ugeschwat ginn, dass mer initialement e Gesetz ënnerbreet haten, wou néng Punkten drop stoungen, wat allgemeng kritiséiert ginn ass. Ech muss soen, meng eenzeg Suerg war, ech hat vläicht ze vill Ardeur fir munch Punkten, déi awer wichteg waren, esou schnell wéi méiglech duerchzekréien.

Ech muss awer soen, Här Asselborn, dass ech och mat där heiter Solutioun ka liewen. Ech hu mech jo och spontan dozou bereet erkläert an ech hunn och gesot, dass et mech net géif stéiere wa mer géife beispillsweis déi Mesuren, déi jo géifen d'Prestatioune vun der Assurance dépendance am spezielle Gesetz, wat elo virum Summer wäert kommen, traitéieren, an dass mer dat, wat d'Indexation automatique vun den Tariffer ubelaangt, och géifen an ee Gesetz faasse mat sämtleche Mesuren.

Ech muss soen, ech si selbstverständlech - kënnt Der Iech virstellen - net begeeschtert, dass mer haut nëmmen iwwert den Ajustement vun de Pensiounen diskutéieren. Ech kann awer ganz gutt domadder liewen. Wat déi siwe Punkten, déi Rescht bleiwen, ubelaangt, sinn ech souguer bereet, wann dat gewënscht ass, fir siwen eenzel Projets de loi draus ze maachen, well mir hate jo, en fait, néng Punkten an deem Projet stoen an déi néng Punkte waren alles Veränneruge vum CAS. Déi siwe Punkten déi iwwreg bleiwen, do ass och net all Kéier e Rapport zwëschent deene verschiddenen, sou dass et vläicht, wa mir wëllen eis méi Aarbecht maachen, ubruecht wär, fir eis dann ze beschäftege mat siwen eenzelne Projeten.

Ech muss soen, wat d'Indexation automatique ubelaangt, dass ech dat och gesot hunn an der Kommissioun, dass et a mengen Aen ze interpretéiere wär als ee Signal un de Corps médical, un d'AMMD, dass mer effectivement gewëllt wären, sou wéi et hei an der Chamber gesot ginn ass, sou wéi et och vun de Partenaires sociaux gesot ginn ass, fir den Dokteren ze hëllefen an där Situatioun wou se de Moment dra sinn. A wann ech bei der Indexation automatique sinn, déi wäert mat engem klengen Décalage vun e puer Méint kommen. Et ass net tragesch, et ass virdru scho gesot ginn, vu dass déi nächst Indexupassung net ze erwaarden ass virum nächste Summer.

Ech muss allerdéngs soen, wou ech e bësse gestaunt hunn an de Conseil d'Etat net ka ganz novollzéien, dat ass a senger Argumentatioun wou e seet: «Le Conseil d'Etat estime opportun de permettre une consultation aussi large que sereine des partenaires concernés par ce changement important.“, also Partenaires sociaux.

Ech weess net, de Statsrot ass vläicht net am Bild doriwwer, mä déi Diskussioune mat de Partenaires sociaux, déi daueren elo schonn zënter gutt zwee Joer. Ufanks dëses Joers ass souguer eng Commission spéciale agefouert ginn, déi justement iwwert déi dote Punkten diskutéiert huet. Et ass e Rapport final un d'Partenaires sociaux gaangen am Juli. Sou, dass ech mam beschte Wëllen net gesi wéi een d'Concertation élargie kéint maachen. Mä vläicht kann ech doriwwer opgeklärt ginn.

Ech wëll och trotzdeem drun erënneren, dass, wat dat éierewäert Haus hei ubelaangt, mer hei och, ech mengen den Här Di Bartolomeo hat et schonn ugeschwat, virun ongeféier engem Joer eng Aktualitéitsdebatt iwwert deen dote Sujet haten, an dass och an der éischter Sëtzung vun der Kommissioun iwwert deen heite Projet de loi en fait déi Indexation automatique net am Fong, mä éischter an der Form - dat heescht, dass et am Kader vun dësem Gesetz géif traitéiert ginn - kritiséiert ginn ass.

Den Här Glesener huet et virdrun ugeschwat, fir de Processus ze accéléréieren. Ech gleewen, dass den Här Aarbechtsminister deem direkt bäigestëmmt huet. Et ass jo esou dass en d'Chiffere vum IGSS kritt. Wa musse Chifferen hei am Land doriwwer erausgi ginn, an och an aneren Domainen, dann ass all Kéier den IGSS ugeschwat. Selbstverständlech si mir och beschte Wëllens déi dote Procédure esou schnell wéi méiglech zu Enn ze kréien. Ech kann lech awer soen, dass mat deem Material, mat deem mer schaffen, den IGSS ganz oft iwwerfuerdert ass, aarbechtsméisseg gesinn. Wéi gesot, mir wäerten awer do eist Bescht maachen.

D'Ofsécherung à long terme vun eise Renten ass och hei ugeschwat ginn, am Kader vun der Hausse vun deem Ajustement vun 3,5%. Ech mengen et sinn Diskussiounen, déi mer zënter annerhallwem Joer hei féieren. Just nach eng Kéier pour rappel: Ech mengen, et war den Här Bausch, deen dat ugeschwat huet vun der Croissance économique an esou virun, dass ee misst ganz gutt oppassen. Alleguerten déi, déi dobausse kritiséieren an elo soen: «Ah, gesitt Der, elo si mer schonn an där Situatioun wou mer keng 4% méi hunn.», ech mengen, Här Bausch, Dir sidd mat mir averstanen, dass alleguerten déi Leit en fait Onrecht hunn. Well wa mer d'Etüd vum BIT kucken, déi Etüd baséiert op Chiffere vun 1999. A wa mer d'Joergäng 1999, 2000, 2001, 2002 huelen, dann hu mer trotz zwee schlechte Joren déi 16%, déi mer brauchen, praktesch erreecht. Vu mengem Standpunkt aus, an och als Ekonomist, muss ech soen: Wann een also den Objektiv erreecht wou 50% schlecht Joren dra sinn, da mengen ech soll ee virsiichteg bleiwen, mä net ze vill dobaussen alarméieren, esou wéi verschidde Leit dat maachen.

Ech wëll trotzdeem och nach eng Kéier rappeléieren - an dat gëtt jo och ëmmer nees dobaussen ignoréiert -, dass all siwe Joer, dat heescht déi nächste Kéier am Joer 2006, d'Situation financière vun de Rente souwisou iwwerkuckt gëtt. Mir hunn also automatesch Signaler dran.

Et ass ugeschwat ginn iwwer verschidde Groupe-de-travailen, z. B. deen iwwert d'Individualisatioun. Dat waart och Dir, Här Bausch. Dee Groupe de travail, deen huet seng Aarbechten, mengen ech, säit engem Joer ongeféier opgeholl. Déi lescht Sëtzung, wann ech gutt renseignéiert sinn, war net méi spéit wéi dës Woch. Et ass e ganze Katalog vu Problematiken opgestallt gi wou wäert och activement dru geschafft ginn. Ech hoffen, dass ee kann e Rapport Enn nächstem Joer virleeën.

Dir wësst, dass déi Problematik net einfach ze léisen ass an dass se besonnesch komplex ass. Dass beispillsweis och bei de Fraen d''Intérêten net justement d'selwecht sinn, suivant ob d'Dammen doheem sinn, dat heescht Femme au ménage sinn, oder ob se effectiv schaffe ginn? Mir mussen also kucken an deene Saachen och Rapprochementer ze kréien.

Wat een anere Groupe de travail ubelaangt, an dat geet och an de Kader era vun der laangjähreger Ofsécherung vun eise Renten, dat ass dee vun der Gestion de patrimoine, dee mer och um Rentendësch zréckgehalen haten. Dee

Groupe de travail huet excellent Aarbecht gemaach. Do sinn déi éischt Konklusioune gezunn. D'Preparatioune sinn amgaang fir e Projet de loi ze maachen a mir wäerten dee Projet de loi op alle Fall nach virum Summer déposéieren, sou dass mir kéinte mat enger méi moderner a mat enger méi effikasser Gestion de patrimoine fir den 1. Januar 2004 ufänken.

Dir Dammen an Dir Hären, wann dobaussen ëmmer nees Angscht gemaach gëtt, wéi laang eise Rentesystem nach hält, solle mir dat beileiwen net dramatiséieren. Ech ka mech erënneren, dass den Här Juncker hei gesot huet viru kuerzer Zäit, dass effektiv de Lëtzebuerger d'Tendenz hätt, fir ze vill déi däitsch Senderen ze lauschteren. D'Situatioun vun eise Rente solle mer net ënnerschätzen, mä d'Situatioun, wat d'Renten ubelaangt, ass bei Wäitem net ze vergläiche mat deem däitsche System, wou se nëmmen nach Reserven hu vun ongefeier engem Mount. Ech géif soen, do ass d'Situatioun ganz dramatesch. Hei zu Lëtzebuerg, sou wéi mir et gesinn hu bei der BIT-Etüd, wäert et op alle Fall fir déi nächst 15, 20 Joer kee Problem sinn, wat awer net wëllt soen, dass mir d'Situatioun net sollen de près suivéieren a scho Redressementer eventuell virhuelen dee Moment, wou éischt Unzeeche kommen, dass d'Situatioun géif e bësse biergof goen.

***(Interruptions)***

Wësst Dir, ech si bis elo a mengem Liewen nach ni un enger Mauer hänke bliwwen. Ech hunn nach ëmmer versicht, fir driwwer ze klammen.

***(Hilarité)***

Dat gesot, mengen ech, brauchen déi Pensionéiert op alle Fall wéinst dësem Ajustement kee schlecht Gewëssen ze hunn.

Et ass virdru gesot ginn, dass am Artikel 225, Alinéa 4 vum CAS steet, dass deen Ajustement en fait net automatesch ass, mä dass d'Regierung all zwee Joer géif examinéieren, ob et ubruecht wär, fir een Ajustement ze maachen oder net. Op alle Fall kënne mer hei rouege Gewëssens soen, dass deen Ajustement honnertprozenteg ze vertrieden ass, an alleguerten déi pensionéiert Leit kee Cadeau kréien, mä déi Augmentatioun vum 1. Januar 2003 u méi wéi verdéngt hunn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5052 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5052.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Jean-Marie Halsdorf), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4897 iwwert de Personalkader vun der Sécurité sociale. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Hären Di Bartolomeo, Schroell, Gibéryen a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alexandre Krieps.

## 4. 4897 - Projet de loi modifiant

## 1° la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale

## 2° le code des assurances sociales

## 3° la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat

***Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale***

M. Alexandre Krieps *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi 4897 gesäit vir, fir a véier Verwaltunge vun der Sozialer Sécherheet d'Personal opzestocken, wann den Aarbechtsvolumen dat erfuerdert. Déi véier Verwaltunge sinn d'Inspection générale vun der Sécurité sociale, de Contrôle médical vun der Sécurité sociale, de Service national d'action sociale, de Conseil arbitral an de Conseil supérieur vun den Assurances sociales. Subsidiaresch befaasst dëse Projet sech och nach mat zwou Ofännerunge vun Artikele vum Code des Assurances sociales a mat zwou spezifesche Personalfroen.

An der Kommissioun ass de Rapport zu dësem Projet eestëmmeg ugeholl ginn, no grëndlecher Analys vum Avis vun der Chambre des Fonctionnaires, Avis, dee positiv war, an och no grëndlecher Analys vum Avis vum Statsrot, deen zwou pertinent Remarke gemaach huet, déi mir an der Kommissioun iwwerholl hunn. Ech verweisen op de schréftleche Rapport an dësem Zesummenhang, dee vum Secrétaire général adjoint Martin Bisenius a senge Leit verfaasst ginn ass, an dee wéi ëmmer excellent ass.

Mir hunn an der zoustänneger Kommissioun gefrot, fir an engem Joer gewuer ze ginn, wéivill Leit dann op dat heite Gesetz hin agestallt wäerte ginn? Duerch dëst Gesetz gëtt den Numerus clausus beim Stat net ëmgaangen, gi jo déi ze schafend Posten iwwert d'Loi budgétaire geregelt. Als Rapporteur vun dësem Gesetz ass mir leider nëmmen nodréiglech agefall, dass dat heite Gesetz, wat sech mat Carrièresaspekter beim Stat ofgëtt, am Fong hätt misse systematesch mat der Commission vun der Fonction publique ënnersicht ginn. Bekannt ass, dass déi betreffend Verwaltunge vun der sozialer Sécherheet ëmmer méi Aarbecht hunn an dass dëst Gesetz hinnen et erlabe wäert, am Intérêt vum Sozialversécherte méi performant ze schaffen. Ech bieden ëm Är Zoustëmmung. Merci villmools.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Paul-Henri Meyers agedroen. Den Här Meyers huet Wuert.

***Discussion générale***

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Här Krieps merci fir deen excellente schréftlechen a mëndleche Rapport a bréngen d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

M. le Président.- Als nächste Riedner huet den Här Mars Di Bartolomeo d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, ech hunn ëmmer Angscht, dass mäi Mikro net geet.

M. le Président.- Dir stitt léiwer op enger Bühn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Haaptzilsetzung vum Projet ass excellent vum Rapporteur, dem Här Alexandre Krieps, definéiert ginn. Hien huet drop higewisen, dass d'Haaptzil vum Projet ass, d'Limitatioun vun der Zuel vun de Mataarbechter an deene verschiddene Carrièren an de Servicer a Juridiktioune vun der Sécurité sociale opzehiewen, esou wéi se nach an enger Rei vu méi eelere Gesetzer besteet a wéi se bei méi rezente Gesetzer schonn net méi besteet.

D'Zilsetzung vun dësem Projet ass, fir méi Flexibilitéit bei der Astellung vu Personal an deene betraffenen Institutiounen, déi d'IGSS, de Contrôle médical, de SNAS, de Conseil arbitral an de Conseil supérieur sinn, ze suergen. Wéi richteg ënnerstrach ginn ass, heescht dat net, dass mir elo ganz fräi kënnen astellen an deenen doten Institutiounen, mä an Zukunft gëllt net méi déi duebel Limite vum Gesetz a vum Numerus clausus, mä nëmmen nach déi vum Numerus clausus, wou, wuel verstanen, de Cadre fermé jährlech duerch ee Règlement grand-ducal festgehale gëtt.

Ech wëll just drop hiweisen, dass dat d'Haaptelement ass. Donieft ass eng Rei vu méi klengere Modifikatioune virgesinn, wou de Statsrot zumindest Schwieregkeeten hat, fir d'Konstruktioun ze verstoen, virun allem beim Artikel 1.5. Ech muss agestoen, dass och no den Explikatiounen, déi mir vun den zoustännegen Instanze kritt hunn, mir nach ëmmer net ganz kloer ass, firwat dass déi Operatioun op deem dote Wee gemaach ginn ass.

Selbstverständlech bréngt eis Fraktioun den Accord zu dësem Projet. Ech hätt mir allerdings kënne virstellen, dass mir am Virfeld, net eréischt an engem Joer, gesot kritt hätten, wou dann am Moment dee gréissten Drock an deenen eenzelne Verwaltungen ass, wat d'Haaptmotivatioun ass, fir dass mir op deen dote Wee ginn, wou mir mat deem akutste Personalmangel konfrontéiert sinn, wéi d'Regierung et gesäit, fir an deenen nächste Budgetsprojeten deenen do Problemer Rechnung ze droen. Dat gesot, bréngen eis den Accord vun eiser Fraktioun a soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marco Schroell agedroen. Den Här Schroell huet Wuert.

M. Marco Schroell *(DP).*- Här President, ech géif och gären dem Här Alexandre Krieps félicitéiere fir säi kuerzen a prägnante Rapport. Et geet jo ëm d'Verbesserung vun der Effikassitéit a vun der Qualitéit vun de Prestatioune vun der Sécurité sociale an dofir ginn ech den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Och vun eiser Säit ee Merci un de Rapporteur.

Ech mengen als Deputéierte gi mer alleguer, ouni Ausnahm heibannen, regelméisseg ugeschwat vu Leit, déi mat der Sécurité sociale ze dinn hunn, datt dat hei oder dat do net séier genuch geet. Ech menge mir waren eis alleguer bewosst, datt do eng Rei vun Administratiounen net genuch Personal hunn an och iwwert de Wee vun där normaler Prozedur net séier genuch konnte méi Leit rekrutéieren. Dat heite Gesetz soll deem ophëllefen, eis Méiglechkeete gi fir eben iwwert déi Prozedure vum Budget an iwwer Reglementer kënnen d'Zuel vun de Leit esou anzesetzen, wéi se effektiv gebraucht ginn. Dat ass eng positiv Evolutioun a se fënnt och dofir eis Zoustëmmung.

M. le Président.- Deen nächsten ass den Här François Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, mir bréngen den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister Carlo Wagner.

Une voix.- Mol eng Zoustëmmung vun der Regierung!

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, ech wëll all deenen, déi elo intervenéiert sinn, merci soen. Et ass effektiv esou, dass d'Simplificatioun vun där heite Prozedur och wäert ee positiven Impakt op d'Effikassitéit hunn. Ech wëll also all deenen, déi dat Gesetz hei stëmme wäerten, merci soen.

M. le Président.- Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4897 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 6 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwert dee virleiende Gesetzesprojet of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Nee oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Ferny Nicklaus-Faber);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Théo Stendebach), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira et Jean Huss (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 4768, 4794 an 4903 iwwert den Artikel K.3 vum europäeschen Traité. Déi dräi Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et sinn ageschriwwen: den Här Fayot, d'Madame Beissel, den Här Henckes an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen dräi Projeten, den honorabelen Här Patrick Santer.

## 5. 4768 - Projet de loi portant approbation du Protocole, établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, concernant l'interprétation, à titre préjudiciel, par la Cour de Justice des Communautés européennes de la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 29 novembre 1996

## 4794 - Projet de loi portant approbation

## - de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signée à Bruxelles, le 26 juillet 1995;

## - de l'Accord relatif à l'application provisoire entre certains Etats membres de l'Union européenne de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 26 juillet 1995

## 4903 - Projet de loi portant approbation du Protocole établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relatif au champ d'application du

blanchiment de revenus dans la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes et à l'inclusion du numéro d'immatriculation du moyen de transport dans la Convention, signé à Bruxelles, le 12 mars 1999

***Rapport de la Commission juridique***

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gesetzesprojete 4768, 4794 an 4903, déi der Chamber haut zum Vote virleien, bezéie sech allen dräi op d'Vervollstännegung vum Système informatique douanier, an Ofkierzung SID, an der Europäescher Unioun. Well dës Projete ganz enk matenee verstréckt sinn, huet d'Commission juridique d'Décisioun getraff, fir dës Projeten an engem eenzege mëndleche wéi schréftleche Rapport ze behandelen.

Den Objet vun deene Gesetzesprojeten ass de parlamentareschen Accord zu insgesamt véier internationalen Texter. Et ass haaptsächlech d'Konventioun iwwert de Gebrauch vun der Informatik am Beräich vun den Douanen, déi de 26. Juli 1995 zu Bréissel ënnerschriwwe ginn ass. Si gëtt och d'Konventioun SID genannt. De Projet de loi 4794 ass d'Approbatioun vun där Konventioun a vun engem Accord iwwert d'provisoresch Uwendung vun där Konventioun. De Projet de loi 4768 bezitt sech op e Protokoll iwwert d'Juridictioun vum europäesche Geriichtshaff. De Projet de loi 4903 gesäit eng punktuell Ännerung vun der Konventioun SID vir, fir se mat dem Informatiounsaustauschsystem vum éischte Pilier inhaltlech gläich ze stellen; konkret geet et ëm d'Definitioun vun de Blanchimentsaktivitéiten.

Eent vun den Haaptobjektiver vun der Europäescher Unioun ass d'Schafe vun engem Raum vu Fräiheet, Sécherheet a Justiz. Dëst Objektiv gëtt erreecht souwuel duerch Preventioun wéi och duerch Repressioun vu Kriminalitéit.

Mëttelen, déi den Traité iwwert d'Europäesch Unioun virgesäit, sinn éischtens de Rapprochement vun den nationale Strofgesetzgebungen, an zweetens d'Zesummenaarbecht tëschent nationalen Autoritéite wéi d'Police, d'Douane an d'Justiz. Déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit huet leider quantitativ wéi och qualitativ zougeholl. D'Verbriecher ginn duerch keng Grenze méi behënnert. Zousätzlech profitéiere se vun der Tatsaach, datt d'Zesummenaarbecht tëschent nationale Verwaltungen nach ëmmer duerch bürokratesch Barrièrë behënnert gëtt. Zesumme mat anere Verwaltunge sinn déi national Douanesautoritéiten a Preventioun a Rapressioun vu verschiddenen Infraktioune géint déi europäesch an national Gesetzgebung agebonnen. Si maachen dat um Territoire vun der Unioun wéi och op hiren Aussegrenzen. Fir dëser wichteger Aufgab besser gerecht ze ginn, ass eng méi staark Zesummenaarbecht tëschent nationalen Douanesverwaltungen néideg.

An der Vergaangenheet ass op dësem Plang scho munches ënnerholl ginn. Ech denken hei haaptsächlech un d'K.3-Konventioun „relative à l'assistance mutuelle et à la coopération entre les administrations douanières", déi Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum 6. Juli 2001 approuvéiert huet. Weiderhi muss een de Système d'information douanier vum éischte Pilier erwähnen. Dëse System gëtt, well et den éischte Pilier ass, duerch ee Règlement communautaire 515 vum 13. Mäerz 1997 geregelt.

D'Konventioun SID, déi der Chamber haut virläit, fousst op den Artikel K.3 vum Traité iwwert d'Europäesch Unioun. Si regelt de Système d'information douanier vum drëtte Pilier, dofir ass et eng klassesch international Konventioun, déi vun den nationale Parlamenter approuvéiert muss ginn. Dës Konventioun ass als complémentaire zum Reglement 515/97 unzegesinn. Zousätzlech verstäerken d'Texter, déi haut gutt ze heesche sinn, d'Zesummenaarbecht tëschent den Douanesverwaltungen, wéi se an der Kooperatiounsan Assistance-mutuelle-Konventioun virgeschriwwen ass.

Här President, wat sinn d'Objektiver vum Système d'information douanier vum drëtte Pilier a wéi fonctionnéiert dëse System? Et geet drëm fir méi Effikassitéit an d'Preventioun wéi och an d'Repressioun vu bestëmmten Infraktiounen ze kréien. Dat haaptsächlech am Beräich vum Drogenhandel, vun Import-Exportbestëmmungen a vun Transitregelunge fir Wueren. Den Informatiounsaustausch tëschent den Douanesautoritéite gëtt méi séier gemaach, d'Kooperatioun an d'Kontrollprozedure gi verbessert.

D'Häerzstéck vum SID ass eng zentral Datebank, déi vun allen Douanesverwaltungen aus alle Memberstate vun der Unioun ugezaapt ka ginn. Dës Datebank gëtt vun de Memberstate mat Donnéeë gespeist. D'Memberstate sinn och responsabel dofir, datt déi Donnéeën, déi an dëser Datebank sinn, richteg, aktuell a legal sinn. Déi europäesch Kommissioun bekëmmert sech ëm déi technesch Gestioun vum System. E grousse Wäert gëtt op den Dateschutz geluegt.

D'Konventioun SID leet strikt Dateschutzregelunge fest a berifft sech op d'Dateschutzkonventioun Nummer 108 vum Conseil de l'Europe vun 1981. Doniewent sinn déi national Dateschutzgesetzer, wéi hei zu Lëtzebuerg d'Gesetz vum 2. August 2002 uwendbar. Als nationaalt Kontrollorgan vun der Legalitéit vun den Donnéeën, déi an der SID-Datebank gespeist ginn, fungéiert déi Ad-hoc-Kommissioun, déi am Artikel 17 vum Dateschutzgesetz den 2. August vun dësem Joer virgesinn ass. Dës Kommissioun besteet aus dem Procureur Général d'Etat a sengem Représentant, dee se presidéiert, an zwee Membere vun der Commission nationale pour la protection des données.

D'Administration des douanes et accises kritt zwou Funktiounen. Éischtens ass se op nationalem Plang déi zoustänneg Autoritéit fir de System SID. Zweetens ass se Responsable de traitement am Sënn vum Dateschutzgesetz vum 2. August vun dësem Joer.

All eis national Geriichter, an net nëmmen déi iewescht Geriichter, wéi dat an anere Länner wéi Portugal an Irland de Fall ass, hunn d'Recht fir am Kader vun engem Prozess den europäesche Geriichtshaff mat enger Question préjudicielle iwwert d'Interpretatioun vun der Konventioun SID ze befaassen. Déi eenzeg Konditioun dofir ass, datt esou eng Question préjudicielle noutwendeg ass, fir de Prozess ze tranchéieren. Meenungsënnerscheeder tëschent Memberstaten an der europäescher Kommissioun kënnen och dem europäesche Geriichtshaff virgeluegt ginn, wann an de sechs Méint virdru keng Léisung fonnt ka ginn.

Schlussendlech soen ech nach e puer Wierder zu den Avisë vum Statsrot. De Statsrot huet d'Tatsaach kritiséiert, datt den initiale Gesetzesprojet eng Rei vu wichtege Projeten net beäntwere géif. Dorophin huet de Justizminister am Numm vun der Regierung eng schréftlech Stellungnahm agereecht, déi vun der Commission juridique gedeelt gëtt.

Een Haaptpunkt vun den Iwwerleeunge vum Statsrot a vun der Regierung betrëfft d'Kompetenze vun der Douanesverwaltung.

Éischtens huet dës Verwaltung keng Zoustännegkeeten an dem Beräich vun der Geldwäscherei. Zweetens muss si d'Konventioun SID esou applizéieren, dass si an de Limitë vun hire Kompetenze bleift, déi si duerch eis national Législatioun kritt huet. Drëttens schaaft dës Konventioun SID keng nei Kompetenze fir d'Douanesverwaltung. An deem Kontext muss een och soen, datt de Procureur d'Etat d'Donnéeën, déi hien op der Basis vum Artikel 40 iwwert de Finanzsecteur sammelt - dat sinn d'Indizien iwwert d'Geldwäscherei -, net an d'Datebank vum SID integréiere kann.

Ofschléissend wéilt ech soen, datt déi véier international Texter, déi eis haut hei zur Ofstëmmung leien, ganz wichteg Elementer bei der Bekämpfung vun der grenziwwerschreidender Kriminalitéit sinn. Well d'Verbriecher keng Hürde kennen, muss alles an d'Wee geleet ginn, fir deenen nationale Verwaltungen ze erlaben, duerch eng effikass europäesch Kooperatioun d'Anhale vun den nationalen an europäesche Bestëmmunge respektéieren ze doen.

Hautdësdags ass also Europa och bei der Verbriechensbekämpfung gefuerdert, an déi dräi Projete vun haut bedeite konkret Schrëtter an dës Richtung. Si sinn eng batter noutwendeg Begleitmoossnam, fir déi dagdeeglech schwéier Aarbecht vun der Douanesverwaltung méi effikass ze gestalten.

Dëse Projet ass den 12. Dezember unanime an der Commission juridique ugeholl ginn, wou Dir méi detailléiert Bestëmmungen iwwert déi véier Texter erëmfanne kënnt. De Rapport ass also unanime an der Commission juridique ugeholl ginn, an dofir wollt ech hoffen, dass déi Unanimitéit sech och an dësem Plenum zréckspigelt. An ech géif den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn, wat ech gëschter beim Projet iwwert d'OPCs-Gesetz vergiess hat. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen.

***Discussion générale***

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, et handelt sech hei ëm Projeten, déi e Gebitt behandelen, wat d'Bierger an Europa ganz staark interesséiert, nämlech e Raum vu Gerechtegkeet, Fräiheet an och Bekämpfung vu Kriminalitéit opzebauen.

Mir betriede mat dësen dräi Gesetzesprojeten awer eng Aart Geheimwëssenschaft, déi den Här Patrick Santer ganz excellent beherrscht, wat och säi Rapport beweist. Et ass e Rapport dee ganz einfach a kloer déi Projeten duerleet an och seet wat d'Essenz dovunner ass, an ech brauch also net méi op den Detail vun dem Inhalt zréck ze kommen.

Ech wollt awer trotzdeem e puer Saachen iwwert d'Ëmfeld vun dëser Konventioun an dat wat do hannendrun hänkt soen. Wann ech soen, et ass eng Aart Geheimwëssenschaft, kéint ech jo och soen, et ass eng esoteresch Partie vum europäeschen Eenegungsprozess an där mer eis hei befannen, déi déi wéinegst Bierger, an och déi wéinegst Politiker, zu Lëtzebuerg wéi an Europa, duerchkucken.

Ech schwätze vun deem wat d'Europaspezialisten den drëtte Pilier nennen, anerer schwätze vum Titel IV vum Traité vun der Europäescher Unioun. An et ass och interessant dass déi al Artikelbezeechnung nach bäibehale ginn ass, nämlech den Artikel K3; dat gesäit iergendwéi e bësse méi geheimnisvoll aus wéi wann een en elo géif den Artikel 31 nennen, deen elo eigentlech den Artikel K3 an der Numeréierung vun den Traitéen ersat huet.

Ech wollt trotzdeem awer soen, dass schonn den Titel vun de Projeten e bëssen den Duercherneen an der Matière weist. Wa mer dann de Projet 4794 kucken, dee schwätzt vun enger Konventioun, an zugläich vun engem Accord iwwert déi provisoresch Applikatioun vu gewësse Memberstate vun där Konventioun. An domat gëtt illustréiert, wat dat Instrument vun der Konventioun un Onzoulänglechkeet huet, nämlech dass d'Memberlänner laang brauchen, fir ze ratifizéieren an ze transposéieren, an dass eigentlech dat internationaalt Instrument do relativ ineffikass an onzefriddestellend ass, well et esou laang brauch bis een zu enger Mesure kënnt.

An dann den zweete Projet, de 4768, dee betrëfft dann e Protokoll iwwert d'Interpretatioun vun dëser Konventioun duerch den Europäesche Geriichtshaff. An dat ass och interessant, well jo den Europäesche Geriichtshaff am drëtte Pilier wäitgehend ausgeschalt ass, a mir eis do an engem Raum befannen, wou et dem Bierger schwéier ass seng individuell Rechter ze verteidegen.

A schliesslech muss de Projet 4903 e Protokoll approuvéieren, deen dës Konventioun un eng aner Konventioun, am éischte Pilier, déi sougenannte Konventioun Neapel 2, upasst. An dat alles weist…

***(Interruption)***

Also Här Santer, ech hunn hei d'Wuert net ze verdeelen, ech mengen...

M. le President.- Jo, Här Santer.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur*.- Ech wollt just eng Kloerstellung maachen. Deen zweete Protokoll ass eng Upassung net un Neapel 2, mä un d'Reglement vum éischte Pilier. Déi Texter sinn hoergenee d'selwecht.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Mä ech huelen awer un dass dat Reglement vum éischte Pilier aus der Konventioun vun Neapel 2 eraussgeet.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur*.- Alles hänkt zesummen.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Voilà.

***(Interruption)***

Här Mehlen, do huet Dir absolut Recht dass dat relativ komplex ass.

Just fir ze soen dass mir an dësem drëtte Pilier en Informatiounssystem tëschent den Douanesverwaltungen opbauen, mä dass mir dat eben op enger intergouvernementaler Basis maachen, well mir ganz einfach keng gemeinschaftlech Mëttelen an deem Pilier hunn, fir dat méi effikass a méi schnell ze maachen. An d'Bierger, déi verstinn effektiv net, firwat dass dat esou komplizéiert ass, fir eng relativ einfach Saach, nämlech d'Douanesverwaltunge vun den eenzelne Länner vun der Europäescher Unioun en mesure ze setzen, fir eben d'Kriminalitéit, illicite Traficen, allerhand Drogenhandel an esou weider ze bekämpfen, duerchzezéien.

Une voix.- Et kann een also soen, et wier en institutionelle Problem.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Et ass ganz bestëmmt en institutionelle Problem, an dofir wollt ech dann och soen, dass mer am Konvent, wou ech jo d'Éier hunn, mam Här Helminger, eis Lëtzebuerger Chamber ze vertrieden,…

***(Interruption)***

Ech mengen et ass eng gutt Geleeënheet fir emol eis Kolleegen doriwwer ze informéieren, déi eis do ersetzen, den Här Gibéryen selbstverständlech, an d'Madame Wagener och, fir keen ze vergiessen.

Dass mer an engem Aarbechtsgrupp N° 10, an deem ech d'Éier hat ze sinn, iwwert den drëtte Pilier eng Partie Propositioune gemaach hunn. An natierlech wësse mer och, dass an deem Gebitt do d'Länner och ganz staark op hir national Souveränitéit halen.

Et ass ee sensibelt Gebitt, et ass d'Justiz, et ass d'Police, et ass dann hei d'Douanesverwaltung, an dofir si mer eben nach ëmmer op där reng intergouvernementaler Schinn, a mir musse menger Ansiicht no probéieren, dass mir zum Beispill dat intergouvernementaalt Instrument vun der Konventioun duerch e Gemeinschaftsinstrument ersetzen.

Zum Beispill eng Décision-cadre oder eng Loi-cadre, wéi et och an engem aneren Aarbechtsgrupp vum Konvent proposéiert gëtt, also Instrumenter, déi méi flexibel, besser adaptabel a méi schnell ëmsetzbar sinn. Well de Problem bei enger Konventioun ass jo och, dass wa se emol eng Kéier e bësse muss ëmgeännert ginn, dass erëm dee ganze Rateschwanz vu Ratifizéierunge vun all Land muss gemaach ginn. Et ass also wichteg, dass mir do besser Instrumenter an der Gemeinschaftspolitik kréien, a vun deem intergouvernementale Pilier ewechkommen.

Ech wollt och nach trotzdeem hei ervirsträichen, dass mer an der Verbriechensbekämpfung insgesamt, grad wéi och spezifesch op dësem Gebitt, eng ganz Partie Institutiounen hunn, eng ganz Partie Elementer, déi jiddfereen op sengem Plang doru schaffen.

Mir hunn zu Lëtzebuerg d'Douane an d'Police, mir hunn um europäesche Plang Europol, den Office européen de lutte antifraude, mir hunn dann och schonn erëm eng Kéier Fichieren, de Système informatique Schengen, mir hunn de Fichier vun Europol, a mir hunn och déi verschidden Aktivitéite vum Office européen de lutte antifraude, an do riskéiere mer ganz schnell en Duercherneen ze kréien amplaz e Mateneen, an et ass äusserst wichteg, dass mir d'Effikassitéit vun all deenen Instrumenter duerch eng méiglechst grouss Koordinatioun hierstellen.

Dat waren, Här President, déi puer Wierder déi ech wollt zu dëser Konventioun an zu deene Protokollen, déi dorunner hänken, soen. Ech menge virun allem awer, dass et interessant wär, wa mer vläicht mol an engem oder zwee Joer vun der Douanesverwaltung dann och e Rapport kréichen iwwert de Fonctionnement vun deem SID, Système informatique douanier, an och vun de Resultater, déi dee System bréngt.

Well et geet jo drëm, fir dass mer iwwert déi Informatiounen, déi mer an deem Fichier hunn, an zu deenen dann déi national Administratiounen Zougank hunn, mat deenen entspriechende Sécherheetsmesuren natierlech, dass mir doduerch effektiv Resultater an der Bekämpfung vun der grenziwwerschreidender Kriminalitéit kréien. An dat wär mäi Wonsch un d'Regierung, dass mer dëst géifen am An behalen, dass mer net nëmmen eng Konventioun hei ratifizéieren, mä dass mer dann och zesumme mat der Douanesverwaltung an zesumme mat der Regierung de Suivi dovunner maachen, dass mir da wierklech gesinn, wat mer hei prezis a konkret fir d'Bierger kënne maachen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Simone Beissel.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här President, ech wëll fir d'éischt dem Patrick Santer merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, de Rapporteur selwer an och den Här Fayot hunn elo schonn all d'Facettë vun deenen dräi héich technesche Projete beliicht. Dës Projete sinn e Meilesteen a Saache verbessert Koordinatioun an Zesummenaarbecht duerch de Gebrauch vun der Informatik tëschent den europäeschen Douanë fir d'Preventioun an d'Bekämpfung vun der Kriminalitéit vun all Zort. Mir hunn déi Projeten an de Kommissiounen an alle Sparten examinéiert an diskutéiert. Dëse Projet fënnt de vollen Accord vun der DP-Fraktioun. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert kritt nach den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, et ass ganz wichteg, dass mir déi nei Gesetzgebung hunn. Ech wollt de Rapporteur froen, wéi vill Länner déi Konventioun scho ratifizéiert hunn. Ech mengen, et sinn der just nëmmen e puer.

Et ass awer wichteg, dass mir op dee Wee ginn, well déi international Kriminalitéit am Gebitt vun den Douanen hëlt zou, a mir musse reagéieren. Mir hu scho gesinn, dass bei Europol eng gutt Reaktioun war, wat um Intergouvernementalë geschitt ass. Ech hoffen, dass mir mat dësen Instrumenter och d'Kriminalitéit am Gebitt vun der Douane richteg kënne bekämpfen. Dofir bréngen ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dëse Gesetzesprojeten.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Minister Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- Här President, et ass ganz léif, dass Dir mir d'Wuert gitt. Ech däerf dofir just am Numm vun der Regierung merci soe fir déi breet Zoustëmmung zu dësen Texter.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4768 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi 4768 (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 4768 et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet de loi si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Niki Bettendorf), Marco Schroell (par Mme Agny Durdu), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Ben Fayot), Lucien Lux (par M. Jean Asselborn), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mir elo zur Lecture vum Projet 4794.

***Lecture du texte du projet de loi 4794 (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 4794.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 4794 et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet de loi si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Ferny Nicklaus-Faber);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mir elo zur Lecture vum Projet de loi 4903 a mir stëmmen doriwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi 4903 (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 4903.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 4903 et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet de loi si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Emile Calmes), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par Mme Agny Durdu), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wären dann um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Moien ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtteg um halwer dräi. Als éischte Punkt um Ordre du jour steet d'Gesetz 4933 iwwert déi nei Militärorganisatioun.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 11.35 heures)***

# JEUDI, 19 DÉCEMBRE 2002 — 22E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Jean Asselborn, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. 4933 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire

   *(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

2. 5021 - Projet de loi portant
   - création d'un Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance;
   - modification de la loi modifiée du 25 février 1967 ayant pour objet diverses mesures en faveur de personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant

   *(Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle – Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Amendements - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

3. 5037 - Projet de loi portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières

   5058 - Proposition de loi portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières

   *(Rapport de la Commission juridique - Présentation de la proposition de loi 5058 - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

4. Discours de fin d'année

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; MM. Henri Grethen et Charles Goerens, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Mir kommen dann direkt zur Diskussioun vum Projet de loi 4933 iwwert d'Arméi. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Loes, Bodry, Calmes, Koepp, Bausch an Urbany. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Paul Rippinger.

## 1. 4933 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mir alleguerte wëssen huet d'Lëtzebuerger Arméi, esouwuel op nationalem wéi awer och op internationalem Plang, wichteg Missiounen ze erfëllen.

Op nationalem Plang ass hir Haaptmissioun, am Fall vun engem Militärkonflikt, eist Land ze verdeedegen, mä awer och bei enger gréisserer Katastroph den öffentleche Verwaltunge Bäistand ze leeschten an der Bevölkerung ze hëllefen.

Op internationalem Plang stellt eis Arméi de Beitrag vu Lëtzebuerg zu der gemeinsamer Verteidegung tëschent de Bündnispartner am Kader vun internationalen Organisatioune wéi zum Beispill der NATO duer. D'Lëtzebuerger Arméi participéiert säit ville Joren ënnert dem Mandat vun der UNO u Friddensmissiounen an hëlleft an der Iwwerwaachung vun dem Anhale vun internationale Verträg. Esou zum Beispill um Balkan säit 1992, mat Observateuren an Ostslowenien, dann a Kroatien am Kader vun der UNPROFOR, der IFOR an der SFOR bis 1999, wou Lëtzebuerg mat der Belsch saï Contingent aus Bosnien-Herzegovina zréckgezunn huet, fir et dann am Kosovo ze engagéieren.

Am Exposé des motifs liese mir entre autres, dass bei der Konferenz vum 20. November 2000, der sougenannter Conférence européenne d'engagement de capacités, Lëtzebuerg sech engagéiert huet op d'Joer d'Personal vun enger ganzer Compagnie zu Verfügung ze stellen. Nom Rotatiounsprinzip ginn d'Contigenten all véier Méint renouveléiert, dat heescht, dass 180 Persounen disponibel musse si fir aktiv ze sinn am Kader vu Missioune vum Typ Petersberg.

Am Kader vun der Europäescher Unioun huet Lëtzebuerg sech och engagéiert, u Friddensmissioune vun dësem Typ Petersberg deelzehuelen. Esou hunn d'Memberstate beim Europäesche Conseil zu Helsinki sech als globaalt Objektiv gesat, bis 2003, fir d'Ausféiere vun dëse Missiounen, bis zum Niveau vun engem Corps ze goen, Corps, dee 15 Brigaden, also 16.000 Mann begräift.

Et huet sech an eiser Geschicht ëmmer erëm gewise wéi wichteg et fir ee klengt Land wéi Lëtzebuerg ass, Bündnisser mat staarke Partner anzegoen. Nëmmen dës Bündnisser maachen et Lëtzebuerg méiglech seng Onofhängegkeet ze halen an op internationalem Plang mat ze wierken. Dofir baséiert eise Verteidegungsystem dorop, dass mir Member vun der NATO sinn an aktiv um Opbau vun enger europäescher Verteidegung deelhuelen.

Dat aussepolitescht Ëmfeld huet sech an deene leschte Joren dramatesch verännert. Esou stellen déi extrem bluddeg lokal Konflikter, den Terrorismus an d'Verbreedung vu Massenvernichtungswaffen nei Erausfuerderungen un eis Verteidegungssystemer duer. Mir hunn haut einfach de Problem, besonnesch bei der Gestioun vun de Krisen an Europa, dass eis Arméi net genuch Leit huet fir dësen neien Erausfuerderunge gerecht ze ginn. Déi rezent Efforten, déi gemaach goufen, wéi d'Erhéijung vum Sold vun eisen Zaldoten an déi intensiv Recrutementscampagne, hunn

zwar gehollef fir de Beruff vum Zaldot méi attraktiv ze maachen, awer si ginn nach net duer.

Dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, soll dës Situatioun änneren. Et kënnen elo och Zaldote rekrutéiert gi bei eisen auslännesche EU-Matbierger déi zu Lëtzebuerg wunnen an déi nach net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn. Dat heescht also, dass si net musse waarde bis dass se dës Lëtzebuerger Nationalitéit kréien oder besëtzen, ier se sech géingen an d'Arméi kënnen engagéieren.

Den Objektiv vun deem heite Gesetzesprojet ass awer net fir eng Arméi vu Mercenairen oder Frontalieren opzestellen, am Géigendeel. De Projet de loi gesäit vir, dass nëmmen EU-Bierger, déi scho mindestens 36 Méint, dat heescht, dräi Joer, zu Lëtzebuerg sinn, kënnen hir Kandidatur stelle fir Zaldot ze ginn.

D'Opmaache vun der Lëtzebuerger Arméi fir Net-Lëtzebuerger huet eng Rei positiv Effekter. Esou hëlleft et, déi jonk EU-Bierger, déi sech als Zaldot mellen, besser an eis Gesellschaft ze integréieren an et bereet hinnen de Wee op eng Lëtzebuerger Statsbiergerschaft vir. Falls si nämlech dräi Joer am Land wunnen, dann erfëlle si no hirem Militärservice vun zwee Joer, dee se da gemaach hunn, d'Konditioune vum modifizéierte Gesetz vum 24. Juli 2001 dat virgesäit, dass een no fënnef Joer Residenz zu Lëtzebuerg kann déi Lëtzebuerger Nationalitéit ufroen. Des Weideren engagéiere sech déi zoustänneg Servicer vun der Lëtzebuerger Arméi och, fir deene Leit, déi déi Lëtzebuerger Nationalitéit wëllen unhuelen, an hiren Démarchen ze hëllefen.

An der Kommissioun hu mir des Weidere festgehalen, dass déi europäesch Volontairen, déi sech an der Lëtzebuerger Arméi mellen, awer och musse minimal Lëtzebuerger Kenntnisser hunn, dat heescht minimal Kenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch. Noutfalls musse si kënne während hirem Engagement Lëtzebuerger Coursen huelen. Des Weideren ass d'Iddi fir dës Mesuren nëmmen op EU-Bierger ze limitéieren, compatibel mat der Iddi vun enger europäescher Verteidegungspolitik. Et huet ee Member vun der Kommissioun gesot, wat d'Kenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch ubelaangen, wann déi auslännesch EU-Bierger an d'Arméi antriede solle géif den Text vum Projet de loi dat net preziséieren. Et huet der Kommissioun awer noutwenneg geschéngt fir dat ervirzehiewen, dass dat awer wichteg ass fir de Phenomène d'intégration an der Arméi.

De Statsrot huet a sengem éischten Avis de Problem opgeworf, dass ee muss oppassen, dass Auslänner, déi sech wëllen an der Lëtzebuerger Arméi engagéieren, keng juristesch Problemer an hirem Heemechtsland kréien, well an esou engem Land déi Leit dem Service militaire obligatoire ënnerleeë wären. D'Regierung, esou wéi dat aus dem Projet de loi ervirgeet, ass sech dëser Problematik bewosst, an esou sinn och schonn déi noutwenneg Démarchë bei deenen zoustännegen Autoritéiten ënnerholl gi fir déi Situatioun ze clarifizéieren. Op jidde Fall kann een awer schonn haut behaapten, dass sech keen auslännesche Fräiwëllege kann an der Lëtzebuerger Arméi engagéieren, wa seng national Gesetzgebung dat net erlaabt.

Ech hat viru kuerzem de Lëtzebuerger Ambassadeur zu Athen hei zu Besuch, dee mir gesot huet, dass deen Accord tëschent Griichenland a Lëtzebuerg, wat den Engagement vu Griichen an d'Lëtzebuerger Arméi ugeet, amgaang wär finaliséiert ze ginn.

En zweete Volet vum Gesetzesprojet ass d'Aschreiwen an d'Gesetz vun der Alterslimite vu 17 Joer fir all nei Rekruten. Dës Limite war virdrun nëmmen am Arméisreglement fixéiert a steet elo am Gesetz. All mannerjähreg Rekrute mussen de schrëftlechen Accord vun hiren Elteren oder hirem legalen Tuteur hunn. Si däerfen och net u Kampfhandlungen oder Militäroperatiounen, weder op nationalem nach op internationalem Plang, deelhuelen.

Ee Member an der Kommissioun war net iwwerzeegt, dass den Antrëtt an d'Arméi mat 17 Joer conforme wär zu der Konventioun iwwert d'Droits de l'enfant. Mir sinn der Meenung gewiescht an der Kommissioun - hie ka vläicht Recht hunn -, dass dat e juristesche Problem ass dee sech effektiv stellt an dass dës Mesurë wichteg si fir déi Lëtzebuerger Gesetzgebung nodréiglech conforme ze maache mat dem Protocole facultatif vun der Konventioun iwwert d'Rechter vun de Kanner vum 25. Mai 2000, déi zu New York ënnerschriwwe ginn ass, iwwert d'Deelhuele vu Kanner un arméierte Konflikter. Déi ass och amgaang zu Lëtzebuerg ratifizéiert ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt op dëser Plaz nach eng Kéier ënnersträichen, dass de Statut vun de fräiwëllegen Zaldoten een aneren ass wéi de Statut vum Statsbeamten. D'Zaldote sinn also net Deel vun der Fonction publique. Et gëtt historesch verschidde Carrièrë beim Stat fir déi déi fräiwëlleg Zaldoten eng Exclusive oder eng Prioritéit kruten. Esou hate si d'Exklusivitéit fir Carrièren, wéi zum Beispill déi vum Ënneroffizéier vun der Arméi, vum Bréifdréier an och vu Gardien am Prisong. Si haten d'Prioritéit op déi Plazen, déi an der Carrière inférieure an deenen anere staatlechen Administratiounen oder Betriber ausgeschriwwe goufen.

Am initiale Gesetzestext stinn eng Rei vu Prezisioune wat d'Opziele vun de Carrièren an den Emploie betrëfft, fir déi déi fräiwëlleg Zaldoten e prioritären oder en exklusiven Accès hunn. D'Konditioun heifir ass awer, dass d'Kanditaten d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn.

De Conseil d'Etat seet a sengem éischten Avis, dass duerch dësen Text déi bestoend Konditiounen iwwert den Accès an de Statsdéngscht renforcéiert, also verstäerkt, dat heescht méi restriktiv géife ginn. En huet sech deemno formell géint dës Mesure opposéiert, well si, senger Meenung no, a Kontradiktioun ass mat dem Droit communautaire. Verschidde Carrièren, dat wësse mer, si scho beim Stat op fir EU-Bierger. Deemno huet de Conseil d'Etat net den Intérêt gesi fir de fräiwëllegen Zaldoten, déi net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, net déiselwecht Rechter ze gi wéi déi, déi hire Lëtzebuerger Kolleege reservéiert sinn. Compte tenu vun deem Avis huet den zoustännege Minister den 23. Oktober 2002 e Regierungsamendement presentéiert, deen en dann och an der zoustänneger Kommissioun virgedroen huet.

De But vun dësem Amendement war d'Dispositioune vum Artikel 3 vum Gesetzesprojet, deen den Artikel 25 vum modifizéierte Gesetz vum 23. Juli 1952 iwwert d'Organisation militaire ofännert, ze alignéieren op dat wat allgemeng an der Fonction publique applicabel ass. Deemno huet also déi Opposition formelle keng Berechtegung méi gehat an an engem zweeten Avis ass dunn och de Statsrot dorobber zréckkomm a war d'accord mat deem amendéierten Text, deen d'Regierung him presentéiert huet.

Et ass wichteg dës Konditiounen oprecht ze erhalen an deem neie Gesetz, fir et weiderhin de fräiwëllegen Zaldoten ze vereinfachen hir Beruffscarrière no hirer Déngschtzäit vu mindestens zwee Joer bei der Arméi mat Erfolleg weider ze féieren. Mä dës Privilegien zielen nëmme fir Lëtzebuerger Zaldoten an net fir déi Net-Lëtzebuerger, déi duerch dat neit Gesetz an der Arméi kënnen déngen.

Déi Net-Lëtzebuerger fräiwëlleg Zaldote kënnen awer ee vun deene Beruffer ergräifen a prioritäre Secteuren, déi fir d'EU-Bierger opstinn. Et handelt sech hei zum Beispill ëm Carrièren an de Beräicher vun der Recherche, der Schoul, der Gesondheet oder dem Transport. Dee Projet de loi, dee mir haut virleien hunn, stëmme mer also, an dëse Projet de loi ass och am Accord mam Gesetz vum 17. Mai 1999 iwwert den Accès vun den EU-Bierger an der Fonction publique.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet dëse Projet och favorablement aviséiert. Relevéiere mer nach, dass de Poste vum Préposé forestier, also vum Fierschter, aus der Lëscht vun de Carrièren, déi exklusiv fir Volontäre reservéiert waren, suppriméiert ginn ass. An Zukunft ginn déi rekrutéiert an der Section environnement national am Lycée technique agricole zu Ettelbréck.

Ech ginn Iech net Lecture vun all deene Carrièren, déi am Gesetzestext stinn. Déi kënnt Der an eisem schrëftleche Rapport noliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Aufgabe vun eiser Arméi hu sech iwwert déi lescht Jore geännert, mä et sinn der och vill méi ginn. Eis Arméi ass awer wichteg fir et eis ze erméigleche weiderhin déi Roll ze iwwerhuelen, déi eis am Kader vun deene verschiddenen internationalen Allianze vertraut ginn. D'Opmaache vun der Carrière vum fräiwëllegen Zaldot fir Net-Lëtzebuerger EU-Bierger hëlleft eis weiderhin eng grouss genuch Arméi ze halen, fir deenen Aufgabe gerecht ze bleiwen.

Ech bieden Iech also dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen heite Gesetzesprojet ze stëmmen an ech soen Iech merci.

Ech kann Iech awer dann zu gläicher Zäit och den Accord ginn - dat ass eng Selbstverständlechkeet - vun der DP-Fraktioun.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Nico Loes *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Kolleeg Jean-Paul Rippinger huet eis e gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport geliwwert, fir deen ech him am Numm vu menger Fraktioun och wëll merci soen.

Erlaabt mer direkt am Ufank vu menger Interventioun eng Ausso vun der Madame Ausseminister Lydie Polfer ze zitéieren, déi si an hirer Deklaratioun zur Lëtzebuerger Aussepolitik de 7. Mäerz 2002 gemaach huet: "Le Luxembourg bénéficie sur le plan international de tous les droits qui découlent de son statut d'Etat souverain. Le Gouvernement a reçu mandat d'exercer ces droits et il est déterminé à fournir les efforts requis pour répondre au défi que pose la globalisation de l'environnement international dans lequel nous vivons. Un consensus national s'est formé autour de la notion que notre pays en tant qu'acteur sur la scène internationale ne bénéficie pas seulement de droits, mais qu'il a également des responsabilités. Notre politique de coopération montre que le Luxembourg, dont le PIB figure à l'heure actuelle parmi les plus élevés du monde, s'est aussi donné pour objectif de se placer en tête du mouvement pour une véritable solidarité internationale. A partir de ce solide socle de référence, nous abordons l'actualité internationale en ce début de l'an 2002 à un moment où le monde amorce un tournant."

Ech denken, Här President, datt d'Analys vun der Madame Polfer de Stellewäert vun eisem Land an der Weltpolitik am heitege Kontext gutt erëmgëtt. Et mag sinn, datt eist Land zu engem vun de klengste Länner um Globus zielt, mä Lëtzebuerg huet sech an deene leschte Joren als vollwäertege Member op der internationaler aussepolitescher Bühn profiléiert. Eis Stëmm gëtt gehéiert. Do wou mir et fir néideg fannen, maache mir eis Positioun geltend. Et brauch een nëmmen e puer Beispiller opzezielen, fir dee gewëssenen Afloss vun eisem Land op der europäescher a weltpolitescher Bühn ze ënnermaueren. Eist Land läit weltwäit mat un der Spëtzt vun deene Staten, déi am meeschten an d'Entwécklungshëllef investéieren. An der Europapolitik huet eist Land sech duerch gutt Europapolitiker, gëschter wéi haut, ausgezeechent, an doriwwer eraus bei entscheedende Momenter vun der europäescher Integratioun eng grouss Roll gespillt. Et brauch een nëmmen un de Werner-Plang vum fréiere Premier Pierre Werner ze erënnere fir meng Aussoen ze beleeën. 32 Joer méi spéit huet sech dem Pierre Werner seng Visioun an d'Realitéit ëmgesat an ech sinn och zouversichtlech, datt sech den Euro an deenen nächste Joren als Stabilitéitsgarant am europäeschen Integratiounsprozess erweise wäert.

Dir Dammen an Dir Hären, wa Lëtzebuerg weider säi Wuert matschwätze wëllt, da muss eist Land och déi Obligatiounen erfëllen, déi sech aus enger gewëssener Roll vun Europa um aussepolitesche Parquet erginn, eng Roll, déi och vun eis erwaart a gefördert gëtt. Mir kënnen zum géigewäertegen Zäitpunkt eisen Obligatiounen net nokomme wa sech d'EU-Memberstaten net déi Moyene ginn, déi fir d'Erfëlle vun de Missiounen onbedéngt bebraucht ginn. Lëtzebuerg mécht hei keng Ausnahm. Eis Regierung huet sech ëmmer fir eng gestäerkten europäesch Aussen- a Sécherheetspolitik agesat an eist Land huet sech doriwwer eraus ëmmer als en zouverlässege Partner an der transatlantescher Allianz erwisen.

Den Engagement vun eiser Arméi um Balkan - an de Kolleeg Jean-Paul Rippinger huet dat och virdrun ënnerstrach - ënnersträicht dat op eng beandrockend Aart a Weis. Dat wäert a muss och esou bleiwen. Lëtzebuerg muss dofir och säi Bäitrag leeschte fir sech eng stabil Aussen- a Sécherheetspolitik an Europa ze verschafen.

Här President, d'Vereenegt State vun Amerika kënnen a wëllen net méi déi Responsabilitéit um europäesche Kontinent iwwerhuelen, wéi se dat an der Vergaangenheet nach ëmmer gemaach hunn. Den 11. September 2001 huet Europa viru seng eege Flichte gesat an d'Konsequenz ass hoergenau déi, datt Europa méi Eegestännegkeet entwéckele muss an doriwwer eraus méi Responsabilitéit an och méi Risiken iwwerhuele muss. Dat implizéiert fir den europäesche Kontinent an domadder och fir eist Land, datt mir eng prezis Bestandsopnahm vun eise militäresche Méiglechkeete mussen ënnerhuelen an eis Equipementer an och eis Kontingente vun Zaldoten enger Reform ënnerzéie mussen.

D'Wichtegkeet vun de Missiounen, déi mir ze erfëllen hunn, an déi ambitiéis Ziler, déi mir eis an der europäescher Sécherheetspolitik setzen, zwéngen eis virun allem déi néideg Zuel vun Zaldoten auszebilden.

De Projet, dee mir haut diskutéieren an och stëmme wäerten, ass virun allem eng Noutwendegkeet an der Optik vun de Petersbuerger Missiounen. De Conseil européen vun Helsinki huet décidéiert fir 2003 e Corps armé ze schafen, dee bis zu 15 Brigaden a 60.000 Zaldote soll zielen, fir d'Petersburger Missiounen ze erfëllen, déi am Amsterdamer Vertrag verankert sinn. Dës Missioune bezéie sech virun allem op humanitär a friddenserhalend Asätz. Op der nofolgender Konferenz vum 20. November 2000 huet eis Regierung sech engagéiert pro Joer eng Compagnie ze stellen an no engem Rotatiounsprinzip ginn d'Kontingenter all véier Méint erneiert. Déi Zaldoten, déi mer musse fir dës Missiounen disponibel halen, sinn op 180 festgesat, wouvunner der 60 un der Missioun deelhuelen, 60 an der Formatioun sinn an och erëm 60 fir deen drëtten Envoi musse virgesi sinn. Am November 2001 huet eis Regierung nach eng Kéier de Wëlle bekräftegt dësen Engagement oprecht ze erhalen an an d'Praxis ëmzesetzen.

Här President, déi éiergäizeg Engagementer, déi eist Land am Kontext vun deenen neien Aufgaben am Kader vun der europäescher Sécherheetspolitik huet, sinn also net kleng a stellen eist Land awer viru gewësse Schwieregkeeten. Schwieregkeeten, déi virun allem d'Zesummesetzung vun eisem Kontingent betreffen. Mir kréien net genuch jonk Leit fir d'Carrière vum Zaldot begeeschtert. Dat ass keen neie Phenomeen, bien au contraire.

D'Arméi ass mat enger ganzer Rei vu Virurteeler beluecht, déi d'Attraktivitéit fir eng Carrière an der Arméi net verbesseren. Dat ass ouni Zweifel ee vun den Haaptgrënn firwat sech Schwieregkeeten ergi fir méi Jugendlecher fir d'Arméiscarrière ze begeeschteren.

Ech hoffen datt déi rezent Informatiounscampagne dozou bäidréit, a gläichzäiteg och d'Upassung vum Sold, fir de Stellewäert vun der Arméi an der Gesellschaft erëm opzewäerten.

Ech wëll och hei dem Minister Charles Goerens merci soe fir seng Démarche, déi hien ënnerholl huet, fir datt mir och d'Personal bei der Arméi opstoppe kënnen.

En anere Punkt, deen ech ëmmer ervirgestrach hunn, betrëfft den Objet vun dësem Gesetz, a mäi Kolleeg Willy Bourg deen, wéi Dir wësst, net kann hei sinn, ass ëmmer mat Mësstrauen an och, mengen ech, heiansdo mat Laache beduecht ginn, wéi hie fir eng Ouverture vun der Arméi fir d'Auslänner agetrueden ass. Et war fir hien ëmmer eng Selbstverständlechkeet, d'Arméi fir d'Auslänner op ze maachen. An dat net nëmmen aus renge virdrun erwähnten zuelentechnesche Grënn.

Eist Land steet fir eng gelongen Integratiounspolitik. Mir hunn en héijen Taux vun Auslänner, déi sech an d'Lëtzebuerger Gesellschaft integréiert hunn an déi net méi aus deem soziale wéi kulturelle Liewe vun eisem Land ewech ze denke sinn.

Doriwwer eraus vertrëtt eis Arméi eist Land am Ausland an ass domadder eng Institutioun, déi ee representative Charakter huet. Deemno ass d'Arméi eng Institutioun, déi och déi multikulturell Aspekter vun eisem Land kann, an a mengen Ae muss, zréckspigelen. Well grad an dëser Optik leescht si e wäertvolle Bäitrag fir d'Virurteeler tëschent de Communautéiten ofzebauen a fir e gelongend Niefteneen ze demonstréieren.

Den Exposé des motifs geet a sengen Ausféierungen nach ee Stéck méi wäit, wann do steet: "Le service militaire luxembourgeois pour citoyens européens pourrait aussi préfigurer l'idée d'un service militaire européen." Dat ass richteg, well och hei ka Lëtzebuerg ee Musterbeispill gi vun engem europäesche Militärdéngscht. D'Experienzen, déi mir hei zu Lëtzebuerg maachen, kënnen afléissen an d'Pläng vun enger zukünfteger europäescher Arméi.

Et ass vun enger vitaler Noutwendegkeet, datt sech d'Lëtzebuerger Arméi an enger éischter Phase fir déi communautaire Auslänner op fräiwëlleger Basis opmécht, fir de legale Kader vu 430 ze fëllen, an deemno fir iwwerhaapt hir interna-

tional Missiounen an Zukunft kënnen ze erfëllen.

Déi international Kontingenter, déi an der Haaptsaach fir humanitär a friddenserhalend Missiounen - ech hunn et scho gesot - noutwendeg sinn, ginn an deenen demographesche Kritären zesummegesat, onofhängeg vun deene verschiddenen Nationalitéiten, déi an engem EU-Land present sinn. Deemno mécht et a mengen Ae wéineg Sënn fir den Accès fir d'Arméi eisen EU-Matbierger virzëenthalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt elo net méi hei op déi eenzel Carrièresméiglechkeeten agoen, déi d'Zaldoten duerno kréie wa se bei de Stat wëlle schaffe goen. De Rapporteur huet dat op eng virbildlech Aart a Weis gemaach. Ech sinn och frou, datt bei dësem Projet dem Willy Bourg seng Fuerderung zu engem groussen Deel an d'Gesetz ëmgesat gëtt.

Et ass net iwwerdriwwe wa mir soen, datt dëse Projet en historesche Projet ass fir eist Land. Eist Land bestätegt domadder eemol méi, datt et gewëllt ass säin Engagement fir eng stabil europäesch Aussen- a Sécherheetspolitik oprecht ze halen. De Projet ënnermauert doriwwer eraus, datt eis Regierung och gewëllt ass, d'Integratioun an eisem Land weiderzefëieren, a si dréit domadder deem multikulturelle Charakter vun eisem Land Rechnung.

Mat dëse Schlusswierder wëll ech meng Interventioun och ofschléissen, dem Rapporteur nach eng Kéier merci soen an och den Accord vun der CSV zu dësem Projet bréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Gesetzesprojet vun der Regierung huet als Haaptzil fir d'Lëtzebuerger Arméi, um Niveau vun den Zaldoten, fir EU-Bierger opzemaachen. Dës Initiativ, déi viru mengen ech zwee Joer ugekënnegt ginn ass, ass och scho verschiddlech kommentéiert ginn. Et ass geschwat gi vun enger Armée de mercenaires, déi géif opgestallt ginn. Et ass geschwat gi vun enger Friemelégioun, déi d'Lëtzebuerger Regierung wëllt an d'Liewe ruffen.

Déi e bësse karikatural Beschreiwung schéngt mer räichlech iwwerspëtzt ze ginn. D'Regierung huet och op esou Kriticke reagéiert andeem se jo och festgeluegt huet, dass hei zu Lëtzebuerg dräi Joer Residenz erfuerderlech si fir kënnen als Zaldot an déi oppe Lëtzebuerger Arméi eranzekommen.

Si huet och am Exposé des motifs - an den Här Loes huet dat nach hei am Plenum widderholl - déi Iddi vun deem Opmaache vun der Lëtzebuerger Arméi fir EU-Bierger an eng Rei schéi kléngend Prinzipien agekleet, wéi zum Beispill d'Préfiguratioun vun enger europäescher Arméi wéi och d'Integratioun hei zu Lëtzebuerg vu Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger, déi iwwert d'Arméi géif geschéien.

Mir sinn eis awer mengen ech alleguerten eens, egal wat fir eng Argumenter nogeschuppt ginn, dass déi eigentlech Ursaach vun där heite Reform net iergendwellech héich europäesch Prinzipie sinn, mä déi eigentlech an déi eenzeg Ursaach vun där heite Reform ass déi fir Rekrutéierungsproblemer, déi bei der Lëtzebuerger Arméi bestinn, versichen deelweis ze behiewen.

Et geet och hei net ëm eng Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv oder anerem europäesche Regelwierk Dat hei ass eng reng national Initiativ, déi vun der Regierung geholl ginn ass opgrond vun der rezenter Entwécklung, déi se haaptsächlech an de Joren 2000 an 2001 virfonnt huet, wat de Recrutement vu fräiwëllegen Zaldote bei der Lëtzebuerger Arméi ugeet.

Loosse mer vläicht kuerz op déi doten Zuele kucken, esou wéi se aus dem Aktivitéitsrapport vun der Arméi ervirginn. Do muss een effektiv feststellen, dass déi méi fett Joren, wéi d'Lëtzebuerger Arméi se och relativ rezenterweis kannt huet - d'Joren 1995, 1996, 1997 an och nach 1998, wou mir iwwer 500 Soldats volontaires an der Arméi haten, déi net alleguerten disponibel waren, dat ass eng aner Fro, mä déi et awer zumindest weider méiglech gemaach hunn, dass mer déi ganzen Zäit konnten eng international Bedeelegung bei Friddensmissioune garantéieren -; dass déi Zuelen abrupt 1999, an dat ass 2000 weider gaangen an och deelweis 2001, erofgaange sinn. Ënn 2000 waren et der nach 447 déi als Soldats volontaires gefouert gi sinn an Ënn 2001 ass déi Zuel liicht geklommen op 474. Mir sinn also wäit vun deene 606, déi mir nach am Joer 1997, also viru fënnef Joer, als Soldats volontaires an eiser Arméi gefouert hunn.

Glécklecherweis, géif ech soen, weist sech awer iwwert d'Joer 2002 erëm en Unzéie vum Recrutement. Ech hunn och héieren, dass besonnesch och déi lescht Sessioun ganz erfollegräich war, dass iwwer honnert Soldats volontaires konnten agezu ginn. Dat léisst also ahnen, dass den Déif, wéi mer en am Joer 2000 haten, iwwerwonnen ass an dass erëm eng Kéier e luest, mä séchert, Usteige vun der Zuel vun de Volontairen an der Lëtzebuerger Arméi wäert ze verzeechne sinn. Ënn 2002 däerft also déi 500er Grenz erëm eng Kéier iwwerschratt sinn, wéi dat am Regelfall och an der Mëtt vun den 90er Jore bis ausganks den 90er Joren de Fall hei zu Lëtzebuerg war.

Wann een e bësse méi wäit zréckkuckt gesäit een, dass de Recrutement an der Arméi ëmmer eng zyklech Entwécklung matgemaach huet a grondleeënd vun zwee Facteure bestëmmt gëtt. Deen éischte Facteur, dat ass natierlech dee vun der Attraktivitéit vum Militärdéngscht. Dozou gehéiere vill Saachen, dozou gehéiert d'Missioun vun der Arméi, déi Aarbecht déi d'Leit an der Arméi musse kënne maachen, de Confort gehéiert dozou, de Sold gehéiert dozou, d'Bezuelen, awer och d'berufflech Perspektive gehéieren dozou, déi eng Lëtzebuerger Arméi kann offréieren. Alles dat dréit zu der Attraktivitéit vum Militärservice bäi.

Mä deen zweete wichtege Facteur vun där Entwécklung, an doduerch kënnt den Zyklus eigentlech regelrecht hier, dat ass natierlech déi allgemeng wirtschaftlech Entwécklung, dat wirtschaftlecht an dat sozialt Ëmfeld andeem mir dra sinn. Do war et esou, dass natierlech elo no den Héichkonjunktursjoren, Enn 90er Jore bis 2001, d'Attraktivitéit vun der Arméi méi kleng ginn ass, dass d'Zuele beim Recrutement erof gaange sinn, an et stellt een awer grad esou fest, dass et elo, wou d'Situatioun um Aarbechtsmaart méi ugespaant gëtt - an déi Zuele vu gëschter weise wéi dramatesch d'Situatioun trotzdeem an nächster Zäit riskéiert ze ginn - mat 3,3% Aarbechtslosen, bal 9.000, déi fir de Moment hei zu Lëtzebuerg Demandeurs d'emploi sinn, selbstverständlech och esou ass, dass et och an nächster Zäit do erëm eng Kéier wäert zu engem méi staarke Recrutement an der Arméi kommen.

Mir sinn also der Meenung, dass, wann een déi dote Fakten objektiv kuckt, déi Situatioun déi vläicht bestanen huet, wéi d'Regierung dës Initiativ geholl huet, de Gedanke fir d'éischt formuléiert huet, dass do awer haut sech munches geännert huet. Duerch verschidden Décisiounen, déi d'Regierung geholl huet wat d'Attraktivitéit vum Service militaire u sech ugeet, respektiv awer och wat dat allgemeng wirtschaftlecht Ëmfeld ugeet, respektiv och vu Sensibiliséierungs- a Promotiounsaktiounen, déi vun öffentlecher Säit am Beräich Rekrutéierung gemaach gi sinn.

An eisen Ae besteet deemno keng Urgence fir elo schnell an e bëssen iwwert de Knéi gebrach hei ze légiféréieren. Mir hätte vill léiwer, dass een nach eng Kéier géif eng Rei vun offene Froen ze guddst am Detail klären, ier een elo hei Enn Dezember probéiert deen heite Projet iwwert d'Bühn ze kréien. Mir sinn der Meenung, dass an deem Ëmfeld, wou mir eis haut befannen, d'Opmaache vun der Lëtzebuerger Arméi fir EU-Bierger keng drëngend an och keng zwéngend Nécessitéit duerstellt.

D'Iddi ass net nei, déi ass schonn e puer mol hei vum Willy Bourg an och vun aneren an der Vergaangenheet formuléiert ginn. Si ass awer ëmmer och mat enger gewësser Skepsis vun der Arméi selwer opgeholl ginn. Dat erkläert sécher och, firwat dass d'Arméi do haaptsächlech eng Rei vu praktesche Problemer gesinn huet bei der Ëmsetzung vun där doten Iddi.

Mir sinn also der Meenung, dass et bei deem heite Projet zur Zäit nach ëmmer eng Rëtsch vu prakteschen a juristesche Problemer gëtt, déi net genügend gekläert sinn. Mir hunn also eis gréisste Bedenke wat déi heiten Initiativ an dësem Moment ugeet, wann net schlësseg Äntwerten op all déi Froe virleien. Bis elo leie se net um Dësch vun der Chamber.

Wat ee fir d'éischt emol muss bemierken hei, dat ass, dass d'Regierung bei deem heite Projet eigentlech vun engem Prinzip ofréckt. Si mécht et op eng virsiichteg Aart a Weis. Si mécht et och op eng net offen Aart a Weis eigentlech. Si seet et net mat ausgesprachener Kloerheet, mä hei ass awer, mengen ech, dat éischt Beispill, wou Statsposten - hei handelt et sech ëm Emplois publics, och wa mir net an dem Beräich vun der Fonction publique au sens strict sinn, mä et handelt sech awer ëm Emplois publics -, wou Emplois publics hei zu Lëtzebuerg opgemaach gi fir Net-Lëtzebuerger, an zwar an enger allgemenger Aart a Weis, well a mengen Aen ass et kloer, dass mir et awer hei bei der Missioun vum Zaldot, wou et ëm d'Défense du territoire geet, mam Exercice vun enger Parcelle vun der Puissance publique ze dinn hunn. D'Regierung geet hei hin a si seet: An deem heite speziellen Domän vun der Arméi si mir mat d'accord, dass u sech, wann et sech ëm d'Ausübung vun engem Deel vun der öffentlecher Macht handelt, EU-Bierger dat kënne maachen.

Dat ass eng bemierkenswäert Démarche an e bemierkenswäerte Schratt deen dës Regierung mécht. Si mécht e just net an aller Däitlechkeet. Dat ass meng perséinlech Meenung. Ech wär frou gewiescht, si hätt dat konsequent duerchgezunn an net an deem heite Projet eigentlech dach awer zwou verschidden Zorte vun Zaldoten, zwou verschidde Klasse vun Zaldoten, hei bäibehalen, an zwar déi déi Lëtzebuerger sinn, an déi dann de vollen Accès zu gewësse Carrièren hunn, mat Prioritéiten, an déi aner, déi zwar an der Lëtzebuerger Arméi als Zaldot déiselwecht Aarbecht maachen, déi awer herno net déiselwecht Méiglechkeeten hunn. Do ass eigentlech e logesche Broch am Opbau vun deem Ganzen, wou et sécherlech vill Erklärungen dofir gëtt, déi ech och ganz gutt novollzéie kann. Ech wëll just op dee logesche Broch hei hiweisen.

Et sinn awer haaptsächlech eng Rei vu juristesche Froen déi eis Bedenken hei fundéieren a mir stinn net eleng do. Well och de Conseil d'Etat huet an engem relativ kriteschen Avis zu deem heite Projet op eng ganz fundamental Fro higewisen am Zesummenhang mat der Fro vun der Nationalitéit, an zwar aféifern EU-Bierger, déi sech elo an der Lëtzebuerger Arméi engagéieren als fräiwëllegen Zaldot, iwwerhaapt kënne spéiderhi Lëtzebuerger ginn - wat hinne jo hei an Aussiicht gestallt gëtt -, well einfach eng wesentlech Fro nach net gekläert ass fir de Moment, an dat ass déi ob se par rapport zu hirem Heemechtsland fräi si vun allen Engagementer, notamment wat d'Militärflicht ugeet, wat eng Viraussetzung ass, fir dass ee kann d'Lëtzebuerger Nationalitéit iwwerhaapt kréien.

De Conseil d'Etat geet ganz in extenso op deen dote Punkt an. Ech wëll kuerz hei zwee Zitater ufëieren. De Conseil d'Etat seet a sengem Avis vum Juni 2002: „De l'avis du Conseil d'Etat, cette condition n'a pas été suffisamment examinée en amont du dépôt du projet sous revue. A défaut d'un règlement de cette question essentielle", also d'Fro mat der Nationalitéit a mat der Ausübung vum Militärdéngscht am Heemechtsland, „on risque d'exposer les jeunes volontaires non luxembourgeois à des insécurités juridiques, alors qu'ils ne répondent, le cas échéant, ni aux conditions de la loi luxembourgeoise, ni à celles de la loi de leur Etat d'origine."

Méi spéit seet de Conseil d'Etat an der Konklusioun zu deem ganze Kapitel do: „Le Conseil d'Etat insiste dès lors à ce que le Gouvernement réexamine les conséquences du présent projet pour les intéressés au regard des obligations résultant des différentes législations nationales en cause. Il ne serait guère acceptable qu'au terme de leur service les personnes concernées soient exposées aux rigueurs de la loi."

Ech hunn am schréftleche wéi am mëndleche Rapport vum Här Rippinger keen neit Element gesi par rapport zu deene Froen, déi de Conseil d'Etat hei opgeworf huet, déi also nach ëmmer fir de Moment onbeäntwert sinn a wou ee ganz kloer seet, wann net am Virfeld all déi Froen do gekläert sinn, wann net also am Virfeld Accorde getraff gi si mat deenen eenzelne Länner wou sech déi dote Fro ka stellen, dass et dann eigentlech onverantwortlech wär déi jonk Leit an eis Arméi ze incorporéieren, hinne virzemaache si kéinten ouni Schwieregkeet gläich Lëtzebuerger ginn an dann herno stelle sech da praktesch eng ganz Rëtsch vun dach delikate juristesche Froen.

Menges Wëssens ass bis elo nach mat kengem eenzege Land esou en Accord ofgeschloss ginn - et mage Kontakter opgeholl si ginn -, esou dass also elo an deenen nächste Méint, well dat Gesetz trëtt jo dann direkt a Kraaft, wann déi éischt Auslänner kommen, sech déi dote Fro direkt praktesch wäert stellen. Do hu mir also keng Apaisementer kritt wat déi drifteg Bemierkunge vum Statsrot zu där doter Fro uginn.

Eng aner Zort vu Bedenke vun eiser Fraktioun dréine ronderëm déi praktesch Uwendung vun deem Ganzen, déi praktesch Konsequenze vun där heiter Modificatioun vun eiser Législatioun. An zwar stellt sech do ganz kloer d'Fro vun de Sproochekenntnisser an domadder verbonnen d'Integratioun vun den EU-Zaldoten an eis Lëtzebuerger Arméi, d'Fro vu sozialer Koherenz, d'Fro vu Versteesdemech ee par rapport zu deem aneren an dem Risiko vun enger Clan-Bildung. de Risiko vun also engem méi schwieregen Zesummenhalt vun der Trupp stellt sech ganz kloer.

Dofir och eis prezis Fro wat da geplangt ass - konkret elo -, ab Fréijoer, fir ze sécheren, dass sech do a puncto Sprooche keng Problemer kënne stellen? Wéi gesäit et mat enger Sproocheklausel aus? Besteet esou eng? Wéi gesäit et aus mat Sproochecoursen, déi misste parallell organiséiert gi fir dass iwwerhaapt dat dote ka gräifen a fir dass mir herno net méi Problemer vun Integratioun do kréien wéi eis ka léif sinn? Et ass, mengen ech, och opgrond vun deenen dote méi prakteschen Iwwerleeungen, wou sengerzäit d'Arméi net begeeschtert war fir mat op esou e Wee ze goen.

Da schliesslech mengen ech, dass een hätt kënne profitéiere vun deem heite Projet de loi, wa mir un déi Artikele ginn, fir méi eng fundamental Réflexioun hei mat anzebaue wat d'Fro vun der Exklusivitéit an der Prioritéit vun den Astellungen ugeet am Statsdéngscht, respektiv bei de Gemengen an am parastaatleche Beräich. Do ass et esou, dass déi Prioritéit jo haut limitéiert ass op d'Carrière inférieure beim Stat a bei de Gemengen.

A mengen Aen - ech soen dat ganz kloer - huet d'Praxis vun deene leschte Joren nach eng Kéier bewisen, dass déi Prioritéit do eigentlech net duer geet an dass een se eigentlech misst méi wäit spreeën, se notamment och fir aner Carrièrë méiglech maachen, asoufern déi Leit natierlech ëmmer déi Bedingungen hu fir kënnen an esou eng Carrière opgeholl ze ginn. Dat ass natierlech Viraussetzung, wéi zum Beispill och bei den Aarbechter a bei den Employéen. Ech gesinn eigentlech net an, wa se soss all déi aner Bedingungen erfëllen, dass een déi Prioritéit net kënnt och an esou Fäll stoe loossen.

Dat wär Neiland, dat ass ganz kloer. Dat hu mir an den Texter vun de 60er Joren net gehat. Mir hunn et och an der Reform vun der leschter Mandatsperiod net gehat, mä ech si ganz einfach och selwer konfrontéiert gi mat enger Rei vu praktesche Problemer, wou ech mer gesot hunn: Hei wär e klassesche Fall wou déi Prioritéit eigentlech misst kënne spillen a wou se net ka spillen, well eis Texter dat fir de Moment net zouloossen. Elo gi mir awer un déi Artikelen hei fréckelen. Elo wär de Moment, mengen ech, awer och gewiescht fir do eng méi fundamental zousätzlech Attraktivitéit erëm eng Kéier fir de Service militaire kënnen hierzestellen.

Ganz kloer positiv an deem heiten Text ass, dass déi Fro elo kloergestallt gëtt vun de Rechter vum Kand, vum Mannerjähregen, deen an d'Arméi opgeholl gi kann, wou bei eis jo den ënneschten Alter 17 Joer ass, mä wou een do selbstverständlech muss eng Rei vu Garantië mat abauen. Ech mengen, dass d'Regierung dat och hei gemaach huet.

Richteg, mengen ech, ass et och, dass een d'Konsequenzen zitt aus der Reform bei der Ausbildung vun de Fierschter, déi an der Legislaturperiod eigentlech ageleet ginn ass, an dass een déi elo eraushëlt aus deem Domän wou een exclusiv huet missen iwwert d'Arméi rekrutéiert ginn. Si ware jo souwisou nëmme während där Instruction de base vun dräi Méint um Härebierg, esou dass do kee groussen Impakt eigentlech ass op den Oflaf vum Militärliewen do uewen. Dat, mengen ech, ass eng ganz gutt Saach. Déi ass onbedéngt néideg, well jo déi éischt Leit elo fäerdeg si mat hirer Ausbildung am Lycée Technique Agricole zu Ettelbréck als Technicien forestier, an déi musse kënnen elo agestallt ginn, an de Stage erakommen, fir dass si iwwerhaapt kënne spéiderhi vläicht Fierschter ginn. Et ass also wichteg, dass deen heite Punkt och mat berücksichtegt gëtt.

Wann ech elo e bëssen de Bilan zéien zu deem wat ech hei virbruecht hunn, da gi mer eigentlech als sozialistesch Fraktioun mat gemëschte Gefiller un deen heiten Text erun. Et sinn eenzel positiv Punkten dran. Op där anerer Säit bleiwen awer eis ganz staark Be-

denke wat elo an dësem Moment den Notze vun där Ouverture ugeet wat d'EU-Bierger betrëfft, als fräiwëlleg Zaldoten an eiser Lëtzebuerger Arméi. Mir mengen, dass déi international Bedeelegung um Terrain bei Friddensmissioune vun der Lëtzebuerger Arméi schrecklech wichteg ass, dat brauch ech net nach eng Kéier hei ervirzehiewen, a wou mer et effektiv fäerdeg bruecht hunn elo praktesch zënter sechs Joer onënnerbrach bei internationale Friddensmissiounen als Lëtzebuerger Arméi dobäi ze sinn, dass déi natierlech bedeit, dass mer och musse kënnen an Zukunft weider rekrutéieren.

Mir zéien eng praktesch Participatioun bei esou Friddensmissiounen um Terrain enger Politik mam Scheckheft vir, déi doranner besteet, dass een also probéiert duerch gréisser Zomme sech praktesch lass ze kafe vun enger Verantwortung, och enger Friddensverantwortung, déi een och als klengt Lëtzebuerger Land huet. Dofir si mer also fir all Aktioun déi am Kader ass vun der Natur vun der Lëtzebuerger Arméi an déi drop ausgeriicht ass, fir eis Arméi modern ze équipéieren, d'Formatioun weider eropzesetzen, an d'Attraktivitéit vun der Arméi duerch sëlleg Moossnamen och eropzesetzen.

Mir sinn also der Meenung, dass deen heite Projet sech net onbedéngt an déi dote Logik aschreift. Dat hei ka juristesch a praktesch eng Rëtsch vu Problemer zousätzlech bréngen, wou mer net sécher sinn, dass mer domadder eigentlech awer de Rekrutéiersproblem géifen un der Wuerzel ze pake kréien.

Dat erkläert, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, firwat eis Fraktioun sech wäert beim Vote vun dësem Projet enthalen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR), en remplacement de* M. Jean-Pierre Koepp *(ADR).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäi Kolleeg Jean-Pierre Koepp huet mech gefrot fir seng Ried haut de Mëtten hei virzedroen. Hien ass op ee Begriefnis.

***(Interruption)***

Selbstverständlech!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll als éischt dem Rapporteur villmools merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport. Mat dësem Gesetz betriede mer komplett Neiland. EU-Auslänner an der Arméi, do weess ech net op dat esou eng Regel ass déi schonns an aneren europäesche Länner besteet. Normalerweis ass esou eng Politik och net néideg. Dëse Schrëtt ass sécherlech eng Hëllef bei der Integratioun vun engem Deel vun eisen auslännesche Matbierger, mä den Hannergrond vun dësem Gesetz ass een aneren.

Mir hu fir eis international Verflichtunge kënnen ze erfëllen net méi genuch jonk Leit an eiser Arméi. An esou Ausnahmesituatioune kommen engem dann oft exceptionell Iddien. Op dat heiten esou eng gutt Iddi ass, dat muss sech nach erweisen. D'Hoffnung bei deenen, déi dee Gesetzesprojet deponéiert hunn, ass jiddefalls grouss.

Mä firwat hu mer net genuch Leit an der Arméi? Mat dësem Text gëtt déi Fro iwwerhaapt net ënnert d'Lupp geholl. Et muss dach deen een oder anere Grond ginn, firwat datt eis Jongen an eis Meedercher net méi an d'Arméi wëlle goen. Mir mussen déi Fro, menger Meenung no, kucke fir kënne wierksam Schrëtter ze ënnerhuelen, seet den Här Koepp.

An enger Zeitungsannonce konnt ee gesinn, datt d'Arméi Fräiwëlleger sicht, versprach gëtt e Monatsgehalt vun 1.050 bis 1.400 Euro. Dat geet hautdesdaags sécherlech net méi duer. Fräi Kleedung a fräie Kascht an e gratis Dokter dobäi hëllefen och net mat där doter Pai fir de Beruff vum Militär interessant ze maachen. Vläicht ass dat mat den Haaptgrond firwat d'Arméi net méi interessant ass. Mir wësse jo alleguerten, datt d'Geld mat de wichtegste Punkt ass.

D'Fro stellt sech also, ob mer duerch méi eng dichteg oder besser Pai net automatesch méi Leit an d'Arméi géinge kréien. Et ass fir mech onverständlech, datt net als éischt no anere Léisunge gesicht ginn ass, och wann den ADR mam Gesetzestext, esou wéi en hei virläit, kann averstane sinn. Och grouss Reklamme bewierken net alles, esouguer heibanne gëtt vu verschiddene Leit een negatiivt Bild vun eiser Arméi gezeechent. Dann däerf ee sech net wonneren, datt et Jonker gëtt, déi net an d'Arméi ginn, och wa se u sech dorunner interesséiert wären. Do musse mer eis alleguer heibanne froen, ob mer do genuch ënnerhuele fir méi ee positiivt Bild vun eiser Arméi no baussen ze ginn. All déi humanitär a friddenserhalend Asätz beweisen, datt all Land, a sief et nach sou kleng, eng Arméi brauch. Dat muss och emol kloer gesot ginn.

Zréck zum Text. D'Hoffnung ass, wéi gesot, grouss fir eis, fir iwwert dëse Wee EU-Auslänner an d'Arméi ze kréien. Am Mäerz dëst Joer huet eng Lëtzebuerger Zeitung d'Fro opgeworf, ob dëst Gesetz iwwerhaapt eppes bréngt. D'Zuel vun de Leit, déi heiduerch ugesprach ginn, ass relativ kleng. An der Kommissioun ass och dofir dovunner geschwat gi fir an enger zweeter Etapp d'Arméi och fir net EU-Bierger op ze maachen. Menger Meenung no ass et de Moment awer nach ze fréi fir iwwer esou ee Schrëtt ze schwätzen.

Et muss nach vill Reklamm gemaach gi fir d'Auslänner op dës Méiglechkeet opmierksam ze maachen. An der Praxis ass et wahrscheinlech een ze vill grousse Schrëtt, fir no dräi Joer an engem frieme Land da schonns an d'Arméi wëllen ze goen. Déi éischt Jore sinn dës Leit éischter drun interesséiert fir sech zurecht an engem fir si neie Land ze fannen.

Fir déi Auslänner, déi scho méi laang hei am Land sinn, bestoung d'Méiglechkeet och elo schonns an d'Arméi ze goen, wa si d'Lëtzebuerger Nationalitéit ugeholl hätten. D'Zuel vun deenen, déi léiwer hir Nationalitéit behale wollten an elo awer an d'Arméi wëlle goen, ass wahrscheinlech zimlech kleng. Datt dësen Auslänner, déi an d'Arméi kommen, soll gehollef gi fir Lëtzebuerger ze ginn, ass eng luewenswäert Initiativ. Et ass fir den ADR awer och ganz kloer, datt bei dësen neie Kandidaten och d'Lëtzebuerger Sproch muss gekuckt ginn. Am Text steet dovunner näischt. Wat wichteg ass, dat ass, datt se ee Minimum kënne schwätze fir iwwerhaapt an d'Arméi eran ze kommen, an duerno muss eise Stat dofir suergen, datt dës Leit dann och während der Zäit bei der Arméi Lëtzebuergesch léieren, zum Beispill duerch Coursen déi an hirer Formatioun bei der Arméi ofgehale ginn.

Dëst ass och wichteg, well d'Gesetz iwwert déi Lëtzebuerger Nationalitéit jo d'Beherrsche vun der Lëtzebuerger Sprooch virschreift. Och den delikate Problem vun dem obligatoresche Militärdéngscht an anere Länner muss nach behuewe ginn. De Kolleeg Alex Bodry huet elo grad driwwer geschwat. D'Regierung huet ugekënnegt, datt se déi néideg Schrëtt ënnerhëlt. Ech hoffen, datt dat dann och esou geschitt.

Mir begréissen ausdrécklech, datt keng Mannerjähreg sollen a Krichsgebitter agesat ginn. Do si mir jo dann och am Accord mat der Konventioun vun New York iwwert d'Rechter vun de Kanner a militäresche Konflikter.

Dat gesot wëll ech hei am Numm vu menger Fraktioun eisen Accord zu dësem Gesetz ginn.

Merci fir Äert Nolauschteren, seet den Här Koepp.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här François Bausch. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, déi gréng Fraktioun wëllt bei dësem Projet de loi zu dräi Punkte Stellung bezéien. Dräi Punkten, déi och maachen, datt mir herno net wäerten dëse Projet stëmmen. Woubäi ech awer direkt wëll soen, datt deen drëtte Punkt, op deen ech wëll agoen, fir eis dee wichtegsten ass.

Deen éischten ass: Mir fannen et net gutt, datt hei bei der Opmaachung vun der Arméi fir Auslänner sech limitéiert gëtt op EU-Bierger. Mir sinn éischtens der Meenung, datt dat net ganz haltbar ass, d'autant plus wann ee weess, datt d'EU sech och elo nach erweidert, a virun allem awer aus dem Grond eraus, well mer der Iwwerzeegung sinn, datt et net nëmmen eng Diskriminatioun ass, mä datt et virun allem awer och oneffikass ass, well ech der fester Iwwerzeegung sinn, datt, wann ee wëllt Auslänner motivéiere fir an d'Lëtzebuerger Arméi ze kommen, sech do ze engagéieren, da fënnt een déi wahrscheinlech éischter bei Auslänner, déi eng gewëssen Zäit zu Lëtzebuerg sinn, déi aus Memberstate kommen ausserhalb deem wat haut d'Europäesch Unioun ass, wéi vun deenen, déi elo schonn an der Europäescher Unioun sinn. Mä den Haaptgrond dat ze kritiséieren, deen ass awer motivéiert, dat ass, datt mer net agesinn, wa mer dee Schratt hei maachen, firwat mer dat da limitéieren op d'EU-Bierger.

Deen zweete Punkt, dat ass, datt de Sproocheproblem fir eis net gekläert ass. Ech muss och soen, mir sinn immens iwwerrascht mat wat fir enger Offenheet hei eenzel Fraktiounen iwwert dee Sproocheproblem diskutéieren, virun allem d'CSV-Fraktioun. Den Här Loes huet virdrun hei de multikulturelle Charakter vu Lëtzebuerg ënnerstrach fir dat do ze motivéieren. Ech ka mech erënneren, wéi mer hei diskutéiert hunn iwwert d'Nationalitéitegesetz virun nach net esou laanger Zäit, do ware mer extrem restriktiv am Verhältnis zu deem wat mer haut hei maachen, wou nämlech guer näischt gekläert ass, am Contraire zu deem Gesetz. Do war d'Sprooch vun der Fraktioun vun der CSV eng ganz aner. Déi ass éischter an d'Richtung gaang fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze benotzen als Barrière, als Hürd fir d'Nationalitéit ze kréien. Hei, well et dann natierlech arrangéiert, gi mer hin an dann diskutéiere mer iwwert de multikulturelle Charakter vu Lëtzebuerg a mir soen, d'Sprooch spillt glat guer keng Roll.

Ech hätt léiwer gehat, Här Loes, Är Fraktioun hätt deemools beim Nationalitéitegesetz esou eng Haltung ageholl amplaz dass se do iwwer Äre Spriecher vun deemools, den Här Mosar, eng ultrapopulistesch an ultrademagogesch Haltung ageholl huet, wou et nëmmen drëm gaangen ass fir ze versiche mat deem Thema op Stimmenfang ze goen. Dat hätt sécherlech am Intérêt vun der Saach deemools och méi bäigedroen an dann hätte mer haut zum Beispill och schonn d'duebel Nationalitéit wahrscheinlech, wann déi Leit vun lech dat deemools net gemaach hätten. Ech hätt dofir léiwer gehat, Dir hätt dee méi offenen, multikulturellen Discours deemools gefouert, do hätt e méi bruecht fir d'Land wéi bei dësem Projet.

***(Interruptions diverses)***

Här Mosar, wou och nach Är Partei mat zwee Féiss op der Brems stong, dat war den Accès à la profession de l'avocat, wou awer net esou e multikulturellen Discours gefouert ginn ass, wéi vun lech hei haut de Moien.

Une voix.- Och d'Demokratesch Partei.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dat ass richteg, mä ech hunn d'CSV hei besonnesch erwähnt, well déi sech besonnesch ervirgedoen huet an deem Kontext.

Da muss ech awer soen, wann et fir eis als Gréng awer een Domän gëtt wou d'Sprooch eng Bedeitung huet, net well mir d'Sprooch als Barrière gesinn, dann ass et sécherlech dee vun der Arméi.

***(Interruption)***

Jo, dat ass richteg, Här Strotz. Dat ass ee Punkt dovun.

Et ass kloer, dass et wichteg fir eis ass, dass d'Lëtzebuerger Sprooch beherrscht gëtt vun deene Leit, awer do ass grad an dësem Projet onkloer ënner wat fir enge Konditiounen d'Lëtzebuerger Sprooch soll do gëllen oder net gëllen. Mir hunn zwar an der Kommissioun vum Minister eng Rei Berouegunge kritt. Ech sinn der fester Iwwerzeegung, dass de Minister do ganz gudde Wëllen huet fir eppes am positive Sënn ze maachen, mä de Projet huet Lacunen, an dat ass eppes wat mir bedaueren.

Da kënnt deen drëtte Punkt, deen deen eis am meeschte Bauchwéi a Kappzerbrieches mécht an dësem Kontext. Dat ass deen, dass mir hei net higinn an dat maache wat eigentlech an der Konventioun virgesinn ass, déi och vum Här Rippinger hei zitéiert ginn ass, déi mir jo iwwer e Projet de loi, dee schonn deponéiert ass, och wëllen ëmsetzen an dëser Chamber, d'Konventioun vun New York vum 25. Mee 2000, wou zwar op facultativer Basis - ginn ech gären zou -, mä awer zimlech staark drop gepocht gëtt: „…en particulier de relever l'âge minimal pour le recrutement à 18 ans". Dat heescht, dass mir net higinn an d'Richtung vun der Konventioun, déi mir och wäerten an dësem Parlament eng Kéier ëmsetzen, fir eben definitiv zu Lëtzebuerg den Alter fir an d'Arméi vu 17 op 18 eropzesetzen, mä dass mir eigentlech duerch dat heite Gesetz d'Altersbarrière vu 17 Joer festegen.

Ech muss soen, dat ass fir eis besonnesch grav, well ech d'autant plus weess, wann et ëm aner Rechter geet déi mir Jugendleche kéinte ginn an och, menger Meenung no, sollte ginn, nämlech zum Beispill de Wahlalter erofsetzen op 16 Joer, da fanne mir déi onméiglechst Argumenter, fir déi Jugendlech als onmündeg ze erklären a fir ze soen, dass dat inacceptabel wär, mä wann et drëms geet ze soen, wéi d'Madame Wagener et eng Kéier an engem Artikel geschriwwen huet, l'art de la guerre de Jugendleche bäizebréngen, dann hu mir kee Problem fir ze soen, och wa se mannerjähreg sinn, da kënne mir déi Barrière erofsetzen. Dat fanne mir äusserst discutabel a sécherlech a kenger Hisiicht am Sënn vun deem wat op internationalem Niveau d'Norm ass a wat diskutéiert gëtt. Mir sinn der Meenung, dass een de Contraire hätt misse maachen, nämlech ze profitéieren an dësem Gesetz, fir den Alter fir an d'Arméi kënnen ze goen endlech vu 17 op 18 Joer eropzesetzen.

Ech muss och soen, déi Léisung, déi elo hei gesicht gëtt, déi stellt mech guer net zefridden. Ech hu mir d'Méi gemaach dee Projet de loi, deen déposéiert ginn ass, nach eng Kéier ze liesen, an do hunn ech e bëssen d'Impressioun, dass een hei schonn eraus ka liesen, dass do gedréint a gekéiert gëtt, fir dass mir déi Konventioun an esou engem Sënn ëmsetzen, dass se an Aklang steet och mat deem Gesetz hei, dat heescht, et gëtt sech e bësse laanscht déi Fro gedréckt, déi sech eigentlech do hannendru verstoppt, an da gëtt gesot: Déi Jugendlech ginn net agesat bei typesche Kampfhandlungen, respektiv mussen d'Eltere se briefen, well se jo nach mannerjähreg sinn, dass si och d'accord si fir an d'Arméi ze goen, dass dat alles relativ geféierlech ass.

Éischtens ass ze soen, d'Arméi ass d'Arméi, an och wann déi Jugendlech net direkt a Kampfhandlungen agebonne sinn, dat wat se an der Arméi léieren ass jo awer prioritär fir mat enger Waff ëmzegoen. Dofir ass d'Arméi do. Mir kënnen dat dréinen a kéiere wéi mir wëllen, dat ass dat wat se gréisstendeels geléiert ginn, an ob se elo a Kampfhandlungen direkt agebonne sinn oder net. Dat ass keng gutt Situatioun ass.

Dat Zweet ass: Et muss ee sech jo och bewosst sinn, dass een hei den Elteren en immenst Drockmëttel an de Grapp gëtt par rapport zu hire Kanner fir, jee nodeem wéi d'Situatioun sech presentéiert, méi forcéiert op se anzewierken, dass se de Wee wiele fir an d'Arméi ze goen, an déi Jugendlech oft kaum Méiglechkeeten hu fir sech géint d'Elterenhaus ze wieren.

Fir eis ass dat keng befriddegend Léisung, mä den Haaptgrond firwat mir der Meenung sinn, dass dat doten net akzeptabel ass, dat ass, dass den Alter misst eropgesat an net erofgesat ginn. Mir sinn der Meenung, dass Rechter fir déi Jugendlech solle méi fréi a Kraaft trieden, zum Beispill d'Wahlrecht mat 16 Joer, an net esou Saache wéi dat heiten.

Dat ass den Haaptgrond, firwat dass mir dësem Gesetz net kënnen zoustëmmen, Här President.

Ech soen Iech merci.

Den Här Jaerling wollt mir nach eng Fro stellen.

M. le Président.- Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Dat Ganzt, wat Dir elo gesot hutt, ass dat net a Kontradiktioun mat deem wat Dir soss verlaangt, nämlech de Wahlalter erofzesetzen, well d'office mam Wahlalter vu 16 Joer d'Kanner jo dann och mat 16 Joer praktesch groussjähreg wären. Dat do läit a voller Kontradiktioun mat deem wat Dir do verlaangt.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dat ass net wouer!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Dir kënnt net engersäits verlaangen de Wahlalter op 16 Joer erofzesetzen an net d'Groussjähregkeet domadder ze verbannen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här Jaerling, Dir kënnt d'Groussjähregkeet op 18 Joer beloossen an de Wahlalter op 16 Joer erofsetzen. Dat ass guer kee Problem. Et gëtt Länner.

***(Interruptions diverses)***

Wat ass do de Problem? Ech sinn awer der Meenung, Här Jaerling, dass et duerchweegs misst normal sinn, dass den zivilrechtlechen Enseignement an de Schoule méi ee grousse Stellewäert géif kréien. D'Schüler misste méi bäibruecht kréie wat eis Institutioune sinn, wéi se fonctionnéieren, dass se éischter kënne mündeg sinn, dass dat duerchweegs compatibel ass mat dem Wahlalter op 16 Joer erofsetzen an dass een awer net déi Jugendlech dofir muss groussjähreg mat 16 Joer maachen. Et si jo nach aner Saachen dermat verbonne wéi elo nëmmen d'Wahlrecht. Ech mengen, dass dat guer kee Problem ass.

***(Interruption)***

Dat ass awer elo net deen eenzege Grond, firwat ech een als mündeg erklären.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, zënter der Ophiewung vun der Trennung vun Europa an zwee sech diametral entgéintstoend politesch, wirtschaftlech a militäresch Bléck, sinn natierlech prinzipiell emol nei Chancen entstane fir eng méi harmonesch a friddlech Entwécklung op eisem Kontinent.

Ech wëll awer a Fro stellen, ob all Chancë genotzt gi si fir dorauser déi richteg Léieren ze zéien an eng aner, net militäresch Sécherheetspolitik an Europa ze entwéckelen, wat een och dorunner gesäit, dass d'Nofolgekonferenz vun Helsinki, d'OSZE, zum Beispill am Verglach zu esou militäreschen Institutioune wéi d'NATO, oder och zu esou ekonomesche Bléck wéi d'Europäesch Unioun, eng relativ bescheide Roll spillt.

Et bleift och weiderhin, menger Meenung no, déi grouss Fro, wéi d'UNO sech weider entwéckele wäert, an dat gëtt wesentlech, mengen ech, de Moment matbestëmmt duerch d'Solutioun, déi bei der Irak-Kris wäert fonnt ginn. Hei ass ganz kloer d'Fro vun der Autonomie vum internationale Recht gestallt. Esou dacks hunn d'USA gewisen, dass si hir national Interesse virun déi vun der internationaler Communautéit setzen, och da wa se net an Nout wier fir ze handelen, wat jo, laut UNO-Statut, déi eenzeg Hypothees ass vun engem legitimen eegesäitege militäreschen Asaz.

Beim aktuelle Konflikt mam Irak gëtt mol net d'légitime défense als Argument virgeschoben. Et wär also menger Meenung no un der UNO an net un den USA, fir an deem Konflikt no eegener Logik ganz autonom ze handelen. A wann ech soe ganz autonom ze handelen, da mengen ech, dass domadder de militäreschen Aspekt eréischt u ganz leschter Plaz vun alle méiglechen Alternative muss stoen, wéi d'UNO-Charta dat iwwregens ganz däitlech virgesäit.

D'UNO steet awer de Moment ënner ganz staarkem Drock vun den USA bei deenen, menger Meenung no, ganz däitlech ekonomesch a geostrategesch Interessen iwwerweie vis-à-vis vun deem zweetgréissten Uelechland vun der Welt. D'USA sinn awer e wichtege strategesche Partner vu Lëtzebuerg an och vun der Europäescher Communautéit. Dat wat am Irak geschitt huet also och forcément Auswierkungen op d'europäesch Verdeedegungspolitik, wouvun déi nei Lëtzebuerger Arméi jo en integréierten Deel ass.

Här President, den internationale Kontext an deen déi Arméi hei gestallt gëtt, et ass jo keng ganz nei, mä si kritt eng nei Qualitéit, do si mir eis alleguerten eens, ass also e ganz onsécheren an ee konfliktträichen. An engem „Land"-Interview vum 8. Februar 2002 ënnert dem Titel „Europa der Player, Luxemburg ein Teil davon", huet de Minister Goerens zwar, schéngt et mer, de Bündnisfall bei enger eesäiteger Aktioun vun den USA am Irak ausgeschloss. Zënterhier huet d'Regierung sech awer an där Fro bedeckt gehalen, och an enger Äntwert vun der Madame Polfer op eng Fro, déi ech hir gestallt hunn.

Trotzdeem, mengen ech, ass net auszeschléissen, dass Lëtzebuerg an domadder och seng Arméi a seng militäresch Infrastrukturen an iergendenger Form mat esou Krichsforme wéi déi, déi sech am Moment am Irak virbereeden, an Zukunft wäert konfrontéiert sinn, an dat eventuell a ganz noer Zukunft, an dat mat oder ouni UNO-Mandat.

Ech hunn och gréisser Bedenken, Här President, wat d'Evolutioun vun Europa selwer als global Player ugeet. Och Europa huet wirtschaftlech Interessen an der Welt ze verteidegen, loosse mer eis näischt virmaachen, an dat si gréisstendeels d'Interesse vun deene Leit déi hei an der Wirtschaft bestëmmen. Wann ee gesäit wéi bei esou Sozialgesetzer, wéi mer se haut a gëschter diskutéiert hunn iwwert de Mindestloun oder d'Mindestrent, déi Leit handelen, wann een d'Avise vun der Chambre de Commerce liest an deene Froen a gesäit wéi d'Garçonen an d'Rentnerinnen hei zu Lëtzebuerg behandelt gi vun deene wirtschaftleche Kreesser, da brauch een net vill Fantasie ze hu fir ze wësse wéi déi Leit ëmsprange mat deene wou se an der Drëtter Welt Handel dreiwen.

Entschëllegt dee Verglach dee vläicht e bëssen op d'Spëtzt gedriwwen ass, mä et muss een heiansdo Saachen op d'Spëtzt dreiwen, fir se méi kloer ze maachen. Ech mengen awer, dass dee Verglach net falsch ass, well bei den aktuelle Welthandelsverhandlungen hu mer gesinn, dass zum Beispill europäesch Konzerner an d'europäesch Kommissioun dann och eng breet Öffnung vun de Mäert an den Entwécklungslänner verlaangen. Dat heescht, deen ekonomesche Verdeelungskampf dee sech mécht um internationale Plang, och an den Entwécklungslänner, wäert ouni Zweifel säi Lot vun neien Ongerechtechkeeten, vu Migratiounen, vu Massemënschebeweegungen a vu Rebelliounen och an deenen Deeler vun der Welt verlaangen. An ech froe mech ob da garantéiert ass, Dir Dammen an Dir Hären, dass déi Konflikter dann och ëmmer esou ethesch an esou humanitär geléist wäerte gi wéi den Här Goerens dat an Interviewen zum Beispill seet. An ech gleewen him dat och perséinlech esouguer, dass hien dat esou gesäit, mä ech froe mech awéiwäit da laangfristeg Interessen do schlussendlech awer wäerten den Ausschlag ginn.

Déi Froe stelle sech och bei deene sougenannten humanitäre Petersburg-Missiounen, déi jo, wéi de Projet de loi et seet, net nëmmen Humanitär- an Evakuatiounsmissioune sinn, mä och zum Beispill friddenserhalend a friddenserëmhirstellend Missiounen. Also ganz kloer, loosse mer et nenne wéi et ass, e militäresche Kader. Dat ass an engem militäresche Kader, dat ass net méi an engem Kooperatiounskader, och wann de Minister mat ganz vill Talent et ëmmer erëm fäerdeg bréngt, zum Beispill an deem Interview, vun deem ech geschwat hunn, de Lien mat der Entwécklungshëllef hierzestellen, wou e jo och Minister ass. Déi 0,8% Kooperatiounshëllef, dat ass e bëssen esou d'Zooss à tous les menus vun der Regierung, dat ass am Fong geholl dee strategesch wichtegste Posten am Budget, well dee gëtt ëmmer erëm als Beispill geholl fir ze weise wéi humanitär Lëtzebuerg awer do steet an der Welt.

Wann een dann och nach héiert, dass d'Europäesch Unioun eng Force militaire d'intervention rapide grënne wëllt fir Konflikter an Europa ze léisen, an am Rapport iwwert de Projet gëtt hei ganz däitlech gesot, dass dat e Beispill ass vun där neier Roll déi d'Lëtzebuerger Arméi wäert kréien, dann hu mer grouss Bedenken. A mécht een dann och nach de Lien mat der europäescher Sécherheetspolitik déi gepräegt ass vun engem uerdnungsstaatlechen Instrumentarium ouni richteg demokratesch Kontroll, vun Iwwerwaachungsmesuren iwwer polizeilech Kooperatioun, ouni richteg geriichtlech Kontroll, bis hin zum Terrorismusgesetz vum Här Frieden, wat jo de sozialen an ekologesche Protest kriminaliséiere wëllt, an ech weisen do hin op déi ganz däitlech Avisen déi an deem Zesummenhank och scho komm sinn, ënner anerem vun der Aarbechterkummer, awer och vum Conseil d'Etat, da gesäit ee ganz däitlech wouhin déi Logik vun der Festung Europa soll hiféieren.

Ech wëll wierklech dee ganze Projet hei an dee Kontext stellen, zu deem de Statsrot folgendes geschriwwen huet: "Comme les besoins alignés en soldats volontaires ne sont pas détaillés, sauf quelques indications tout à fait sommaires et partielles, par des chiffres, par des données chiffrées basées sur un tableau de l'organisation et des effectifs et par des statistiques relatifs au recrutement, le Conseil d'Etat n'est pas en mesure de se prononcer sur la nécessité du choix politique." Choix politique, Här President, dee mir hei sollte festhalen an engem Vote. Wat mir hei schafen, dat ass ee Choix politique deen a Wierklechkeet eng Nébuleuse bedeit, an dee soll der parlamentarescher Kontroll entzu ginn.

Déi Leit déi do rekrutéiert ginn, ginn awer an e ganz kloren disziplinaresche Kontext gestallt, deen dominéiert ass vun der Lëtzebuerger Regierung a vun der europäescher Exécutive natierlech, ouni dass do awer eng richteg parlamentaresch Kontroll besteet, wa schonn de Statsrot net weess iwwer wat mer eigentlech hei sollen diskutéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, eis Arméi huet elo schonn 1.100 Memberen - ech weess net ob een dat Membere soll nennen - a wëllt op 1.400 kommen, wéi de Minister jo an engem Lëtzebuerger Land-Interview, deeselwechte vun deem ech scho geschwat hunn, gesot huet. Domat steet hien enger Arméi vir, et sief dann ech täusche mech do, déi déi gréissten ass, déi Lëtzebuerg hat zënter der Ofschafung vun der Militärflicht. Ënnert deenen neie Rekrute wäerten och Jongen a Meedercher si mat engem Pass aus aneren europäesche Länner déi bei eis hei wunnen. Ech wëll emol net esou wäit goe fir ze soen, dat wär eng Armée de Mercenaires, well ech fannen dat och net richteg. Déi Leit wunne jo schliesslech hei, déi si jo och hei ugesiedelt. Et sinn also keng Mercenairen déi heihinner geruff gi fir fir Lëtzebuerg dann an de Krich ze goen, fir dat e bëssen theatralesch ze soen.

Mä wat ech dann awer net méi gutt fannen: Déiselwecht Leit hunn awer kee Wahlrecht zu Lëtzebuerg a si ginn esouguer a puncto Accès an d'Fonction publique an dësem Gesetz hei weider diskrimitéiert par rapport zu hire lëtzebuergesche Kolleegen, mat deene se dann awer am Kosovo oder ech weess net wou an der Welt zesumme sollen ënnert deeneselwechte Waffen déngen. Ech fannen, dat ass wierklech eng hallef Situatioun déi hei geschafe gëtt. Ech si souwisou prinzipiell net fir dat Ganzt, dat wësst Der, mä ech fannen, wann een an esou enger Ongerechtegkeet, déi dat Ganzt jo souwisou ass, och nach eng Diskriminéierung drasetzt, dann zeugt dat awer net fir Lëtzebuerg vun engem groussen Esprit d'ouverture vis-à-vis vun deene Leit hei.

Aus all deene Grënn, Dir hutt et verstanen, wäert ech selbstverständlech géint dat Gesetz hei stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Arméiminister Charles Goerens.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn d'Gefill datt mer net genuch iwwert déi Saachen do schwätzen. Ech maachen de mea culpa fir d'éischt bei mir, mä ech mengen et geet net domat duer.

Ech hu meng Bereetschaft kommentéiert fir mat der Commission des Affaires étrangères iwwer alleguerten déi Aspekter do méi laang an och méi oft ze schwätzen. Mir hunn, bei all deene Virstellungen déi mer haten, d'Chamberskommissioun op den Härebierg invitéiert. Déi déi do waren hunn och eng Partie Froen net gestallt, déi sech no där Entrevue eriwwregt hunn. Mir hunn d'Press invitéiert, ech hu praktesch zu all Fraktiounschef gesot, datt wann et eng Méiglechkeet gëtt fir déi Débaten do an der Commission des Affaires étrangères ënnerzekréien, an ech si bereet fir mat Iech iwwert déi dote Saachen ze schwätzen, Dir da kënnt bei mech op de Bureau kommen, frot e Rendez-vous bei mengem Sekretariat un, wann eben an der Enceinte parlementaire selwer d'Méiglechkeet net ginn ass. Ech erneieren nach eng Kéier meng Bereetschaft fir dat ze maachen. Ech hoffen dat och an wëll dat och ouni eidelt Kompliment un d'Chamber soen: Ech fannen datt deen Débat, dee mir haut haten, ganz korrekt war. En huet sech op engem gudden Toun ofgewéckelt an en huet och agréablement contrastéiert mat där Diskussioun déi oft dobausse gefouert gëtt an déi net iwwert déi karikatural Aspekter erauskënnt.

Ech hat virun zwee Deeg um Härebierg d'Geleeënheet fir drun ze erënneren, firwat datt mir am Fong geholl dat heite maachen. Ech war zejoert mat dem Grand-Duc an de Kosovo op Plementina, engem Duerf wou ronn 900 Représentante vun der Communauté liewen, éischter recht wéi schlecht. Dat eenzegt wat se hunn a wat ee kann als positiv bezeechnen, dat ass datt se sécher sinn. Si si sécher, well se 150 Meter ewech vum Déploiement vum KFOR-Kontingent aus Norwege sinn. Et war eng Keier probéiert gi fir zwee Leit, e Mann an eng Frau, an hiert Duerf heemgoen ze loossen, déi si mëttes gaangen an haten owes schonn d'Guergel duerchgeschnidde kritt.

Ech wëll dat nëmme just soe fir ze beweisen, datt dat wat eis Leit do ënne maachen, zesumme mat 43.000 aneren, net vu Muttwëll ass, mä ënnert deene gegebenen Ëmstänn ass dat do indispensabel.

Elo kann ee soen, déi maachen Aarbechten déi net musse vun der Militär gemaach ginn. Et géing och mat manner Militär duergoen, wa mer méi Police hätte fir dohinner ze schécken. Mir hunn awer net genuch Police fir dohinner ze schécken. An et ass e Rappel u sämtlech Memberstate vun der Europäescher Unioun gemaach gi fir kënne méi Police prett ze stellen, et geet awer leider nach net duer.

Well et ass och net gutt wann een op laang Siicht, souwuel dobausse wéi och hei heem, d'Policeaufgabe vum Militär assuméiere léisst. Mä ëmmerhin ass et nach besser déi Missiounen do gi vum Militär assuméiert, wéi datt se iwwerhaapt net assuméiert ginn. An déi Leit déi eben do hir Minoritéiterechter assuréiert kréien, déi kënnen dat deene verdanken déi, ähnlech wéi d'Lëtzebuerger, a Mission de reconnaissance do sinn oder a Mission d'interposition tëschent deene verschiddene Minoritéiten oder Composanten oder Ethnië vum Kosovo. Ouni déi Presenz géif et do, passez-moi l'expression, wierklech Bordell ginn, iwwert dee mer dann aner Débaten hei am Haus géife féieren.

An dofir wollt ech emol de Respekt, och vläicht an Ärem Numm, erneiere fir déi, déi an deene Chrëschtdeeg, wou am Fong kee gären eleng a vu senger Famill ewech ass, déi doten Aarbecht maachen an och dann hir Missiounen assuméieren.

Ech wollt den Hären - an ugefaange beim Här Rapporteur - Rippinger, Loes, Bodry, Bausch, Urbany an och Gibéryen merci soe fir dee korrekten Toun dee se fonnt hu fir iwwert dëst Gesetz ze schwätzen, an et bleiwen eng Partie Onkloerheeten déi mir mussen adresséieren, wéi et am Franglais heescht.

Ech hunn der mol eng hallef Dozen ausgemaach, déi eng dréinen ëm d'Sprooch, anerer ëm d'Duebel-Prestatioun vum Service militaire, anerer hu Bezuch op den Accès zur Fonction publique an et huet och mat den Nationalitéiten ze dinn. Et ass sech vill an oft iwwert de Protokoll beméit ginn, iwwert d'Implicatioun vu Mineuren an Arméikonflikter, an den Här Bausch huet och nach eng Partie Froen opgeworf zu deenen ech zum Schluss wëll kommen.

Wat d'Sprooch ubelaangt an eng ganz Partie vun deene Konditiounen, déi hei Ärer Meenung no net genügend kloer behandelt goufen, wëll ech just dat hei soen: Wann dee Projet de loi hei gestëmmt ass, da gi mir direkt op de Wee fir der Regierung e Projet de règlement grand-ducal ze proposéieren. Dat ass de Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal modifié du 22 septembre 1967 déterminant le statut des volontaires de l'armée.

Et ass an der Vergaangenheet ëmmer esou gehandhaabt ginn - dat war och an der Kommissioun gesot ginn -, datt déi do Konditiounen an engem Règlement grand-ducal ad hoc fixéiert ginn, notamment och déi Konditiounen déi Bezuch op d'Sprooch vun deene Leit, déi bei der Arméi rekrutéiert ginn, hunn.

Ech wëll mol fir d'éischt soen, firwat datt mir op deen do Wee gaange sinn. An do huet den Här Bodry mol guer net esou Onrecht, mir hunn effektiv Problemer wat de Recrutement ubelaangt. D'Leit komme sech net masseweis op den Härebierg virstelle fir gemustert ze ginn an duerno an d'Instruction de base ze kommen. Mir hunn effektiv ee Problem, an dee Problem ass och net méi kleng ginn doduerch datt d'Police aner Recrutementsweeër gaangen ass - wat ech och ka verstoen, well et ass net indispensabel, datt een dee Polizist gëtt muss iwwert d'Arméi rekrutéiert ginn -, an ech ënnersträichen nach eng Kéier déi zwou verschidden Ausriichtunge vun deene Missiounen.

Dat huet awer der Arméi an hirem Recrutement enorm Problemer beschafen an dofir hu mer versicht iwwert d'Erhéijung vun der Solde - dat hu mir och gemaach, an déi war substanziell - den Attrait ze verbesseren. Mir wossten och datt et domat net géing duergoen, well soss hätte mir net an der Regierungserklärung drageschriwwen, mir wëllten d'Arméi fir EU-Bierger opmaachen.

Firwat net fir se alleguer? Et fänkt een iergendwou un a mir hunn eis un d'Konzept vun der Citoyenneté européenne gelehnt, an dat ass jo awer eppes ganz Evolutives. An dräi Joer sinn et 25 Länner déi a Fro komme fir hei zu Lëtzebuerg rekrutéiert ze ginn, à condition datt si eng gewëssen Durée de résidence erfëllen. Mir wollten net eng Arméi de frontaliers maachen, wat da ganz no bei där Connotatioun vun Armée de mercenaires läit. Mir wollten eis deen Image net ginn, mä mir wollten hunn, datt eng Partie Leit sech kéinte mellen déi schonn hei am Land e Minimum vun Integratioun hanneru sech hunn, och wat d'Sprooch ubelaangt.

Ech wollt der Regierung proposéieren, datt an deem Projet de règlement grand-ducal de Sproocheregime, deen och par ailleurs an der Fonction publique zielt, ugewannt gëtt. Well d'Arméi huet och eng Schoul an déi Schoul lehnt sech och un de Secondaire technique un. Et kann een nom Service militaire volontaire an déi Schoul d'10ième an d'11ième nomaache goen, fir dann och Accès ze kréien op eng Partie Posten an der Fonction publique, déi der Arméi reservéiert sinn, soit duerch Prioritéit, soit duerch Exclusivitéit. Also déi do Konditioun gëtt ganz kloer an deem Projet de règlement grand-ducal festgeluegt.

Dat Zweet: d'Bedenken iwwert d'Uwendung vum Accord de non double prestation de service militaire, wéi ech dat emol géif nen-

nen. Et stëmmt datt d'Dispositioune vu Land zu Land verschidde sinn. Déi eng hunn nach e Service militaire obligatoire, déi aner hunn de Service militaire obligatoire ofgeschaaft, an drëtter hunn de Service militaire obligatoire nëmme suspendéiert; dat ass de Fall zum Beispill an der Belsch an a Frankräich.

Da gëtt et d'Possibilitéit fir d'Prestation de service militaire à l'étranger ze maachen, dat hänkt erëm eng Kéier mat der Fro zesummen, ob een och eng Possibilité d'exemption de service militaire kritt wann ee säi Militärdéngscht an engem anere Land mécht wéi dat vun deem een d'Nationalitéit huet. An dofir ass déi Fro net einfach. Ech wollt awer net fir d'éischt mat deenen eenzelne Länner négociéiere goen, mä ech wollt fir d'éischt waarde bis d'Chamber de Projet hei gestëmmt huet an duerno sämtlech Vertrieder oder sämtlech Ambassadeure vun de Pays membres vun der Europäescher Unioun eng Kéier ruffen a kucke wéi mir déi Fro do kënnen ugoen.

Elo ass et ganz gutt méiglech, datt et mat eenzelne Länner net geet, datt eenzel Länner hir Leit net vun dem Service militaire exemptéieren, wann en nach bei hinnen obligatoresch ass an déi Exemptioun ass net virgesinn. Da musse mir soen, d'Méiglechkeet besteet, en attendant datt déi Länner hir Législatioun änneren.

Ech muss och mat eenzelne Länner eng Konventioun ënnerschreiwen, déi déi do Rapporte regelt. Dat ass notamment mat Italien de Fall, wann déi bereet sinn déi Exemptiounen zouzeloossen, an dat ass doutsécher mat Däitschland de Fall. Bei anere Länner hu mir iwwerhaapt keng Schwieregkeeten, mat Griichenland - dat ass schonn diskutéiert ginn an elo grad erwähnt ginn - kréie mer kee gréissere Problem, mir mussen awer och en Accord maachen. Dat do gëtt also och geregelt a soubal wéi d'Gesetz gestëmmt ass kënne mer direkt dee Rendez-vous mat den Ambassadeuren huelen.

Wat elo den Accès zur Fonction publique ubelaangt, do war et en hin an hier tëschent dem Statsrot - de Statsrot hat och Recht datt en eng Opposition formelle gemaach huet, well an der éischter Versioun war och eng Dispositioun dran, a mengem eegenen Text, deen d'Strophe net gehalen huet mam Régime général d'accès à la fonction publique -, dofir hu mir deem Rechnung gedroen an de Statsrot huet jo och dunn d'Levée vun der Opposition formelle gemaach.

Wat elo den Accès un d'Nationalitéit ubelaangt, ech wëll Iech nach eng Kéier drun erënneren, dass mir verlaangen, dass déi, déi elo sech an d'Instruction de base bei der Lëtzebuerger Arméi mellen, mindestens 36 Méint mussen zu Lëtzebuerg wunnen. D'Regel ass déi, dass se duerno véier Méint d'Instruction de base maachen a 14 Méint Service volontaire. Dat ass de Minimum fir premier soldatchef ze ginn. Duerno kënne se normalerweis virun an d'Arméischoul goen, wa se do nach wëllen d'10ème an d'11ème nomaachen. Während där Zäit ass d'Condition de résidence, déi fënnef Joer, largement erfëllt fir kënnen Accès un d'Nationalitéit ze kréien.

Mir hunn och Wëlles iwwert de Service social vun der Arméi deenen, déi wëllen d'Nationalitéit kréien, den Accès ze erliichteren an en an de Prozedure weiderzehëllefen, fir dass déi déi wëllen an d'Fonction publique kommen, an zwar an déi Funktiounen, déi de Lëtzebuerger reservéiert sinn, d'Condition de nationalité kënnen erfëllen. Dat sinn zum Beispill alleguerten déi Funktiounen, déi bei der Arméi opgemaach ginn. Ech denken zum Beispill un den Offizéier, den Ënneroffizéier an de Kapperol. Alles dat, wat de Lëtzebuerger reservéiert ass, kann een, deen elo wëllt bei d'Arméi goen an d'Nationalitéit kréien, da maachen.

Da bleift nach déi Fro, déi den Här Bodry opgeworf huet. Den Accès un d'Lëtzebuerger Nationalitéit hänkt natierlech och of vun deem Land vun deem een originaire ass an ob een do vu sengen Obligatioune befreit gëtt. Och déi Fro muss gekläert ginn a Gespréicher mat deenen eenzelne Länner. Dat Gesetz wat Dir haut stëmmt ass net eng Garantie, dass elo aus deene 14 anere Länner vun der Europäescher Unioun Leit op Lëtzebuerg an d'Arméi kënne kommen, mä et ass eng Ouverture fir déi wou et keng Obstaclë méi ginn. Wa mir déi Konditiounen do alleguerte fixéiert hunn, dierft et kee gréissere Problem gi fir der eng Partie eran ze kréien.

Dat Gesetz hei - an dat ass ënnerstrach ginn, souwuel vum Rapporteur, wéi och vun de Virriedner, an zu Recht - regelt och de Mindestalter deen ee muss hu fir kënnen an d'Arméi ze kommen. Et muss ee mindestens 17 Joer al sinn. Elo ginn et eng Partie Länner wou deen Alter méi niddreg ass, ënner anerem Groussbritannien. Do läit e bäi 16 Joer. Och ouni dass dëst Gesetz, dës Dispositioun schonn a Kraaft war, ass bis elo, mengen ech, an der Regel, jiddefalls esou laang ech do sinn, keen eenzegen net emol an eng Opération de maintien de la paix geschéckt ginn, deen net mindestens 18 Joer al war.

Ech weess, dass ech eng Kéier ee vun der Lëscht geholl hunn, wou d'Elteren ausdrécklech hiren Accord ginn haten. Mir hu gesot: Mir schécke keen ënner 18 Joer op den Theater, souguer wann et eng Opération de maintien de la paix ass a souguer wann et eng Missioun wär, déi net mat Gefor verbonne wär, well ech mengen, et huet ënner 18 Joer keen eppes do verluer. 18 Joer ass wierklech de Minimum, deen ee kann envisagéieren.

Ech mengen och, dass et kompatibel ass mat dem Protokoll vun New York deen hei viséiert ass. Wann ech mech gutt kann erënneren ass dat de Protocole facultatif à la convention relative aux droits de l'enfant concernant l'implication d'enfants mineurs dans les conflits armés, deen zu New York ënnerzeechent ginn ass. Ech hat Gespréicher mat Amnesty International. Mir leien do voll am Geescht vun deem wat si vertrieden. Ech mengen, mir sinn och kompatibel mam Buschtaf vun deem Protocole facultatif. Wann dat Är Haaptpropositioun ass, Här Bausch, da kann ech Iech soen, déi Oppositioun ass mengem bescheidene Wëssen no aus der Welt.

Dir sot, Dir hätt gären, dass den Droit de vote op 16 Joer erofgesat gëtt an den Alter fir kënne rekrutéiert ze ginn op 18 Joer eropgesat gëtt. Ech wëll Iech sous forme de boutade just drun erënneren, dass den Här Cohn-Bendit, deen Iech jo awer ganz no steet, op d'Fro ugesprach...

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Den Här Möllemann Iech och.

***(Hilarité et brouhaha général)***

Dat ass genau datselwecht.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Dat war kee Kompliment fir den Här Cohn-Bendit.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Ma, ech wollt elo soen. Dat do ass awer vum Verglach hier e bësse bedenklech.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Här Gira, aus Respekt...

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Schwätzt mat eis, schwätzt net mam Här Cohn-Bendit.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Ech hunn Iech elo wahrscheinlech ënnerbrach an Ären tief schürfende Réflexiounen.

Här Gira, ech wëll Iech just dat heite soen: Ech mengen, ech hu keen Ulass ginn an de leschte Joren a mengen öffentlechen Aussoen, an och a Privatgespréicher mat eenzelne Leit heibannen, fir an d'Géigend vum Här Möllemann geréckelt ze ginn. A wann ech den Här Cohn-Bendit hei zitéieren, dann ass dat net fir den Här Bausch schlecht drun ze maachen. Ech wëll nëmme just soen, dass den Här Cohn-Bendit zum Beispill Schwieregkeeten huet fir den Alter erof ze setzen, de Wahlalter, de Passivalter erof ze setze vun 18 op 16 Joer, well hien eng Kéier - an ech hu gesot, ech géif et sous forme de boutade hei soen - gemengt huet, et kéint een net d'Maturité sexuelle mat Maturité politique gläichsetzen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Jo, da sot awer och dat anert, well duerfir ass den Här Cohn-Bendit mat Sécherheet awer och net dofir fir den Alter fir an d'Arméi ze goen op 17 oder 16 Joer erof ze setzen.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Här Bausch, däerf ech eng Fro stellen?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Jo.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Ass dat heiten eng Verbesserung par rapport zu der bestehender Gesetzgebung, jo oder neen?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- An där Hinsicht sécherlech net.

***(Interruption)***

Neen, et ass eng Festegung vun deem wat besteet.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Neen, bis elo konnt ee mam Accord vum Gesetz Leit mat 17 Joer, a souguer drënner, an Opérations de maintien de la paix schécken. Mir hunn et zwar net gemaach, mä mir sollten eis och gesetzlech de Riedel erageheie fir net kënnen ënnert déi 18 Joer ze goen. Mir hunn eis ganz vill Méi gemaach fir kompatibel ze gi mat deem Protokoll, deen ech éinescht viséiert hunn. Mir leien also do total an der Linn vun den Négociateure vum Protocole facultatif vun New York, deen ech grad erwähnt hunn.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här Minister, wann Der erlaabt? De Protokoll ass selbstverständlech fakultativ - ech hunn den Text hei viru mir -, mä et ass awer ganz däitlech, wann een deen Text do liest, da sinn d'Recommandatioune vun der UNO kloer fir an d'Richtung ze goe fir den Âge minimal pour le recrutement an d'Arméi op 18 Joer generell erop ze setzen. Dat ass eng Recommandatioun, déi gemaach gëtt, an déi gëtt net gemaach vun ongeféier. Ech hu virdru versicht dat an zwee Sätz ze erklären - ech hätt och kënne méi laang aushuelen -, an dat ass awer de springende Punkt.

Dat, wat mir haut hei maache mat dësem Gesetz, dat ass net fir an d'Richtung ze goe fir där Recommandatioun hei, och wa se nëmme fakultativ ass, méi no ze kommen, mä mir festegen eng Situatioun, déi mir haut schonn hunn. Dat ass d'Situatioun wéi se sech presentéiert, an dat ass och de Reproche, dee mir maachen. Mir sinn der fester Iwwerzeegung, dass ee Leit eréischt an d'Arméi soll schécke wa se 18 Joer hunn, an net den Alter generell erofsetzen oder bei 17 Joer loossen.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Här Bausch, ech erënneren Iech just drun, dass meng Leit an den Affaires étrangères soen, dass dat Gesetz hei, wann et esou gestëmmt ass wéi et Iech virläit, voll kompatibel ass mat deem Protokoll, deen Dir viséiert hutt.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Jo, de Protokoll ass fakultativ, duerfir ass d'Gesetz natierlech kompatibel mat dem Protokoll, mä d'Recommandatioun déi gemaach ginn ass, déi ass awer kloer.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Mir maachen dat obligatoresch wat fir anerer fakultativ ass. Mir maachen dat obligatoresch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Neen.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Wéi gesot, mir hu souguer elo schonn, ier d'Gesetz a Kraaft war, Leit erofgeholl vun der Lëscht déi mam Accord vun hiren Elteren oder Tuteuren hätte kënnen an eng Opération de maintien de la paix goen.

Mir wëllen dat net, well mir mengen, dass ënner 18 Joer keen eppes do verluer huet. D'Praxis läit souguer nach wäit iwwer 18 Joer, well déi meescht musse jo emol d'Instruction de base maachen, a wa se d'Instruction de base gemaach hunn, da ginn se emol fir d'éischt an en Training. De Gros ass domat méi no bei 19, respektiv bei 20 Joer, wéi bei 18. Ech weess wierklech net, wouriwwer dass mir hei streiden. Mir streiden hei wierklech iwwer Saachen, déi et an der Praxis...

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Wuerfir setze mer dann net einfach am Gesetz 18 Joer an, an da si mir fäerdeg. Firwat maache mir dat dann net?

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Ma, well ee se mat 17 Joer muss kënne preparéieren a well eng ganz Partie jonk Leit soss keng Perspektiv hätt. Ech muss do och den Hutt ofdoe virun der Arméi, dass se deenen d'Méiglechkeet gëtt fir sech dann erëm opzefänken.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Opzefänke vu wat?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Vu wat?

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Ech invitéieren Iech, wa se aus dem Kosovo erëmkommen, mat hinnen, mat hire Frënn a mat hiren Elteren ze schwätzen, an da kënnen déi Iech emol ziele vun hiren Experienzen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dat ass jo net de Problem.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- An da frot Dir si, si sollen dat emol vergläiche mat deem wat se emfonnt hunn ier se bei d'Arméi komm sinn. D'Arméi ass doudsécherlech keen Allheilmittel, mä et ass awer och fir vill Leit eng ganz gutt Schoul. Wann een deene Leit den Zougank zu där doter Perspektiv verspäert virum Ereeche vum 18. Liewensjoer, dann huet ee méi Schlechtes gemaach wéi Guddes. Dat kann ech Iech jiddefalls schrëftlech op eng Salztut ginn.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dat ass jo keen Argument dat doten.

***(Interruption)***

M. le Président.- Ja, Här Minister.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Bis elo war et net schlecht, mä elo fänkt et awer un ze dérivéieren.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Dat lescht, wat ech wëll soen, Här President,...

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Loosst den Här Minister schwätzen.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- ...et ass net egal wat, Här Bausch. Iwwregens, wat déi Asätz...

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dir äntwert net op déi prinzipiell Fro, déi ech Iech gestallt hunn.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Mir hunn dach elo keng Froestonn.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Neen, et ass vläicht keng Froestonn, Här President, mä wann ech vum Minister ugesprach ginn, ech mengen, dann ass et awer bis elo déi lescht Deeg normal gewiescht, dass een och kann heiansdo driwwer schwätzen. Ech mengen, dass de Minister och domadder kee Problem, vläicht am Contraire zu de Kolleege vun der CSV, déi souwisou zënter dräi Deeg nëmmen hei blosen an am léifste géife mar an d'Vakanz fueren.

***(Brouhaha général)***

Ech wëll soen, dass, Här President, de Minister eis hei eppes ënnerstellt wat mir net mengen.

***(Interruption)***

De Punkt ass deen, dass mir prinzipiell, Här Minister, a Fro stellen, ob et Sënn mécht fir déi Education un iwwert d'Arméi ënner 18 Joer unzesetzen. Ech gleewen Iech och nach, an dat ass och alles sécherlech vun Iech éierlech gemengt, dass Dir net Leit virdrun a Missioune schéckt. Ech gleewen Iech 100%eg an ech sinn och dovunner iwwerzeegt, dass an der Arméi eng gutt Aarbecht gemaach gëtt fir déi Leit duerno ze encadréieren, wa se zréckkomme vu Missiounen an esou weider.

Hei geet et ëm de Prinzip, ob et gutt ass, dass mir Jugendlecher ënner 18 Joer d'office an d'Arméi wëlle schécken. Dat ass d'Fro. Dat ass dat, wat eis stéiert. Mir sinn der Meenung, dass d'Orientatiounen, de Geescht vun där Konventioun hei, och wa se fakultativ sinn, an donc natierlech Lëtzebuerg net a Widdersproch dozou steet - et ka jo net sinn, datt een zu eppes am Widdersproch steet wat fakultativ ass -, éischter an déi Richtung geet fir dass den Alter fir an d'Arméi eranzeklammen op 18 Joer soll erop gesat ginn. Dat ass déi prinzipiell Fro.

***(Interruption)***

M. le Président.- Här Minister, fuert virun.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Här President, nach eng Kéier, wann een dee Protocole facultatif do ënnerschreift, da wëllt dat net heeschen, datt ee sech aus deem Protocole facultatif eenzel Saache kann eraushuelen déi engem gefalen an anerer leie loossen déi engem net gefalen. En ass fakultativ an deem Sënn, datt een e kann huelen oder net. A wann een ën-

nerschreift, dann akzeptéiert een och d'Konditiounen déi dra sinn. Déi Konditiounen déi dra sinn, mat deenen ass eise Projet de loi voll kompatibel.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Här President, et ass och hei versicht ginn d'Entwécklungshëllef mat der Arméi, mat de Militäroperatiounen an een Dëppen ze geheien. Ech wëll Iech awer eppes hei ganz formell soen: Dat wat mir maachen hei a puncto Entwécklungshëllef, sicht awer international ganz staark no Imitatioun. Wann et iwwerall esou wär wéi zu Lëtzebuerg, dann hätte mer haut net nëmmen d'Moyene fir d'Aarmutt ëm d'halschent ze reduzéieren, wéi de Kofi Annan dat virun e puer Joer zu New York gefuerdert huet, dann hätte mer d'Moyene fir d'Aarmutt ganz ze éradiquéieren. Dann hätte mer wahrscheinlech och international eng aner Situatioun wéi se haut ass. Dann hätte mer wahrscheinlech och manner militäresch Konflikter.

Wa mer dat heite Gesetz haut stëmmen, dann heescht dat net, datt mer op anere Pläng sollen noloosse mat Efforte fir berouegend a stabiliséierend op d'Situatioun an der Welt anzewierken. Et ass net e Choix tëschent deem engen an deem aneren, mä et ass esouwuel dat eent wéi dat anert, wou bei eis am Land d'Prioritéit an den Ausgaben absolut bei der Entwécklungspolitik läit.

Ech weess net wourun datt verschidde Leit denke wa se vun iwwerdriwwene Militärausgabe schwätzen, well mer hunn hei am Land, wat d'Rémunération du personnel militaire ubelaangt - dat si lauter Suen déi hei am Land bleiwen, wëll ech emol nëmme just soen -, 80,65 Milliounen Euro. Doranner sinn och d'Leit vun der Police dran, déi zu 60% eisem Effort ugerechent ginn. Dat si lauter Suen déi hei am Land bleiwen, doranner sinn och d'Pensioune vun deenen déi fréier bei der Gendarmerie waren, mir kommen do op ronn 4,8 Milliarden där aler Gelder. D'Suen, d'Haaptdynamik von den Dépensen d'lescht Joer, dat war den Accord salarial an d'Indextranche, a wann Der déi am intra-annuelle Verglach huelt, da kommt Der op praktesch 200 Milliounen al Gelder. Dat si Suen déi d'Chamber praktesch unanimement gestëmmt huet, an déi ginn dann awer comptabiliséiert à des fins de bonne présentation zu Bréissel bei der NATO als Dépenses militaires.

Ech fanne mir hunn eng Responsabilitéit ze huelen, esouwuel an der Entwécklungspolitik - an déi assuméiere mer voll a ganz - wéi och um Plang vun der europäescher Sécherheet. Mir sinn hei net um Wee vun der Schafung vun enger europäescher Arméi. Mir sinn hei um Wee fir e Beitrag mat Lëtzebuerger Moyenen a Lëtzebuerger Ressources humaines ze erméiglechen, datt, fir am Fall wou eng Opération de maintien de la paix décidéiert gëtt, Lëtzebuerg ka Leit dohinner schécken. Mir schécken hei keng Leit an den Irak, mir sinn éischtens keng gefrot ginn an zweetens hätte mer emol keng Leit fir dohinner ze schécken, wa mer da gefrot ginn, an drëttens bräicht ech mer dee Prozess net gefalen ze loossen, well ier iwwerhaapt déi Prothees kéint évoquéiert gi fir een dohinner ze schécken, géif d'Chamber gefrot ginn.

Ech wëll net hunn, datt d'Chamber do aus hirer Verantwortung entlooss gëtt, an déi géif do éischtens informéiert ginn iwwert d'Demanden - eventuell Demanden - déi op eis duerkommen, an zweetens géif ech näischt ënnerschreiwen ier d'Chamber sech doriwwer ausgeschwat hätt, an zwar an deem Sënn wéi d'Chamber dat gemaach huet. Ech sinn och Demandeur, datt mer de ganzen Dispositif légal iwwerdenken an och d'Chamber bei engem neien Type vun Intervention militaire, sief dat an enger Operatioun wéi se eventuell a Mazedonien kënnt Realitéit ginn, sech en session plénière géing driwwer äusseren.

Mir betrieden hei Neiland, dat ass richteg, dat hunn och Virriedner gesot. Mir betrieden hei Neiland, well mer déi éischt sinn, déi hir Arméi opmaache fir anerer. An dat wat Lëtzebuerg op dësem Plang mécht, dat wäert wahrscheinlech deemnächst vu Belgien an och vu Spuenien nogemaach ginn. Dat wat Lëtzebuerg hei mécht, dat ass fir d'Arméi vum Joer 2000, oder fir d'europäesch Défense vun 2050, wat d'Belsch, d'Lëtzebuerger Wirtschafts- a Währungsunioun vun 1919 fir d'europäesch Wirtschafts- a Währungsunioun vum Joer 2000 ass.

Wa mer dat heite maachen, maache mer e moderne Schrëtt, e Schrëtt a Richtung méi europäesch Integratioun, och e Schrëtt a Richtung Vervollstännegung vun der Citoyenneté européenne hei zu Lëtzebuerg. A gleeft mer et, alleguer déi fortschrëttlech Kräften an Europa wäre frou wa se e Mix hätte vun aussepolitesche Dimensiounen déi esou pondéréiert wiere wéi déi Lëtzebuerger, 0,84% fir d'Entwécklungshëllef a praktesch deeselwechte Betrag fir d'Lëtzebuerger Défense, an et ass e Beitrag vun Europäer.

An nach eppes zu deenen, déi gemengt hunn d'Amerikaner – ech hunn dat haut an engem Zeitungsartikel gelies - wieren nëmmen hei-hinner komm am zweete Weltkrich, well se hiren Intérêt hei zu Lëtzebuerg gesinn hätten. Ech géif Iech dat hei soen: Gott sei Dank hu se hiren Intérêt gesinn, well stellt Iech emol vir si hätten deen Intérêt 1944 net erkannt. Wéi wier et da ginn? An déi beschte Préventiounspolitik - et ass gemängelt ginn d'Préventiounspolitik géif net wäit genuch goen -: Ma mir wäerten och nach an den nächste Méint d'Méiglechkeet kréien eis hei iwwert nei grouss Préventiounsschrëtt ze äusseren, nämlech déi vun der Erweiderung vun der Europäescher Unioun no Zentral- an Osteuropa. Dat ass Préventiounspolitik an deem Sënn, datt mer d'Schicksalgemeinschaft, wou mer elo mat 15 dra sinn, erweideren op 25. Et ass Préventiounspolitik vu Konflikter ganz einfach, well Alleingäng en voie de conséquence, militäresch Alleingäng an där doter Zon iwwerhaapt net méi méiglech sinn.

Ech wier deen Éischten, Här President, dee sech kéint freeë wa mer kéinten d'Militärausgaben op null reduzéieren. An där Situatioun si mer leider nach net, mä dat wat mer maache solle mer awer och net opblosen outre mesure. Well mir leien ongefëier, relativ gesinn, op 35% vun deem wat Neilänner, déi der NATO bäitrieden an déi ganz aner wirtschaftlech Schwieregkeeten hu wéi mer, de Moment amgaang sinn ze maachen.

Dat gesot, soen ech der Chamber merci fir hir konstruktiv Kriticken an Apporten, déi se gemaach hunn. Et ass wierklech mäi Wonsch, ech hunn domadder ugefaangen an ech wëll och domadder ophalen, datt mer méi Méiglechkeete kréie fir dat doten an den aussepolitesche Kommissiounssëtzungen ze diskutéieren. Vu mir aus, vu datt d'Chamber décidéiert, kënne mer och en Débat en session plénière maachen, all Joer spezifesch iwwert d'Défense. Den Här Fayot hat dat eng Kéier gefrot. Ech gesinn net a firwat datt mer déi Suggestioun net sollten opgräifen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mer kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi a mer stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun der Lecture vun den Artikelen ukomm a mer géingen zur Ofstëmmung iwwergoen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir dat Gesetz si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 38 Jo-, 6 Nee-Stëmmen a 15 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marco Schank (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel (par M. John Schummer), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Théo Stendebach), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera et Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5021, d'Schafung vun engem Dokumentatiounszentrum iwwert d'Resistenz. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Bodry, Rippinger, Henckes, d'Madame Wagener an den Här Fayot. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers.

2. 5021 - Projet de loi portant

- création d'un Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance;

- modification de la loi modifiée du 25 février 1967 ayant pour objet diverses mesures en faveur de personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant

***Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle***

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5021 ass den 30. August 2002 an der Chamber déposéiert ginn. Den Avis vum Statsrot ass datéiert op den 22. Oktober. Déi zoustänneg Kommissioun vun den Institutiounen a vun der Revisioun vun der Verfassung huet de Projet de 4. Dezember duerch diskutéiert an den 13. Dezember dee schréftleche Rapport mat enger Majoritéit vu senge Memberen ugeholl.

Dëse Projet gesäit zwou Moossname vir, éischtens d'Schafung vun dem Centre de documentation et de recherche sur la résistance an zweetens de Remplacement vun dem Conseil national de la résistance duerch de Comité directeur pour le souvenir de la résistance.

Domat ginn d'Relatiounen tëschent der Resistenz aus dem zweete Weltkrich an der Regierung strukturell nei geregelt. Déi Relatioune waren ëmmer gepräegt vun dem géigesäitege Respekt tëschent Regierung a Resistenz. D'Regierung huet ëmmer d'Eegestännegkeet an d'Selbstännegkeet vun de Resistenzorganisatiounen unerkannt. Si huet awer och ëmmer versicht, en accord mat der Resistenz, déi Relatioune reglementaresch an zënter 1967 och gesetzlech ze regelen.

D'Gesetz vum 25. Februar 1967 huet de Conseil national de la résistance geschaf. Den CNR war domat den offizielle Porte-parole vun de Resistenzorganisatiounen an en hat als Missioun d'Resistenz an alle moraleschen a materielle Froen ze vertrieden. En huet dat aussergewéinlech gutt gemaach, mä en huet selwer an den nonzeger Jore festgestallt, dass an Zukunft déi Aufgab net méi vun him eleng kënnt bewältegt ginn. Dofir huet den CNR och selwer gefrot, datt d'Gesetz vun 1967 ofgeännert soll ginn. Et ass d'Ofännerung vun deem Gesetz, iwwert dat mer haut diskutéieren an ofstëmme wäerten.

Wat sinn déi Ännerungen, déi haut proposéiert ginn? Dat ass fir d'éischt emol d'Schafung vum Centre de documentation et de recherche sur la résistance. Dee Centre soll fonctionnéieren als Service public, ënnert der Autoritéit vum Premierminister. Hien huet eigentlech dräi wichteg Aufgaben, als éischt Aufgab fir all Dokumenter iwwert d'Resistenz ze sammelen, ze archivéieren an ze konservéieren, fir déi och dann dem Public, dee Recherchë mécht, zur Verfügung ze stellen. D'Kommissioun awer och d'Regierung sinn der Meenung, dass déi Aufgab net eleng op déi do Dokumenter ka beschränkt bleiwen, mä dass seng Aufgaben iwwert dat doten eraus solle goen an am Fong all Donnéeën, déi am Zesummenhang si mam zweete Weltkrich, soll erfaassen.

Zweet Aufgab ass d'Recherche iwwert d'Resistenz an am allgemengen och iwwert den zweete Weltkrich ze ënnerstëtzen, besonnesch bei Studenten déi hir Etüde maachen iwwert déi modern Geschicht. An drëttens, dat schéngt mer och eng wichteg Aufgab ze sinn, dat ass déi, dass en d'Erënnerung un d'Resistenz an dat, wat eis Virgänger am zweete Weltkrich geleescht hunn, soll waach halen. E soll och besonnesch déi jonk Leit doriwwer informéieren a sensibiliséieren.

Zweet Struktur, déi geschaaft gëtt, ass de Comité directeur pour le souvenir de la résistance. Dee soll de Conseil national de la résistance, dee virgesinn ass, an den Artikelen 1 bis 3 vum Gesetz vun 1967 ersetzen. Et war d'Meenung opkomm, och an der Kommissioun, ob et net richteg wär fir de Conseil national de la résistance ofzeschaffen an duerch näischt ze ersetzen. Dat war net d'Meenung vun der Regierung, et war och net d'Meenung vum Statsrot an et war och net d'Meenung vun der Majoritéit vun der Kommissioun. D'Regierung selwer huet gemengt, dass an dësem Stadium d'Attributioune vun dem Conseil national de la résistance net komplett kënnte verschwannen, et misst ee representatiivt Organ vun de Resistenzorganisatioune bestoe bleiwen, dat och d'Intérête vun der Resistenz a vun deenen Organisatioune bei de Pouvoirs publics kënnt vertrieden; dat och d'Intérête vu senge Membere kënnt vertrieden.

***(M. Jean Asselborn prend la Présidence)***

Doniewent huet den CNR eng aner Missioun, déi ganz sécher net vun deem nei geschafene Centre de documentation kann iwwerholl ginn, dat ass fir säin Avis ofzegi wa Leit d'Croix de la résistance kréien, eng Dekoratioun, déi iwwregens nëmme méi à titre posthume ka verlië ginn. Aus deenen Ursaache waren och Regierung, Statsrot an och d'Majoritéit vun der Kommissioun der Meenung, dass ënnert iergendenger Form déi Aufgabe vun dem Conseil national de la résistance misste bestoe bleiwen, an déi sinn, wéi gesot, deem nei geschafene Comité directeur pour le souvenir de la résistance uvertraut ginn.

De Statsrot huet mat dem Projet säin Accord ginn, en huet allerdéngs eng ganz Rei Remarquen an Ofännerunge gemaach. Dat erlaabt mir och den Text e wéineg am Detail, Artikel fir Artikel, duerch ze goen a kuerz op déi Ofännerung vum Statsrot hinzeweisen.

Den Artikel 1 gesäit d'Schafung vum Centre de documentation et de recherche sur la résistance vir. Do ass eng Differenz opkomm, well am Commentaire vun der Regierung gesot ginn ass, dee Service sténg ënnert der Tutelle vun der Regierung während am Text selwer drasteet, e wier ënnert der direkter Autoritéit vum Premierminister. Den Text vum Gesetz selwer ass richteg, den Ausdrock Tutelle ass falsch, well dee gebraucht gëtt bei selbstständegen Organismen, déi ënnert der Tutelle vun engem Member vun der Regierung stinn, esou dass do den Text vum Artikel 1 och, esou wéi d'Regierung et proposéiert huet, bäibehale ka ginn.

Den Artikel 2 definéiert d'Missioune vun dem Centre de documentation. Do huet de Statsrot drop higewisen, dass et do zu Differenzen an zu Konflikter kënnt komme mat aneren Instituts culturels an notamment mat den Archives nationales. Dofir huet de Statsrot och proposéiert den Text ofzeänneren an ze soen, dass de Centre de documentation seng Aufgabe géif erfëllen, an e seet par exception à la mission générale confiée aux archives nationales, fir dat do kloer ze stellen. Deen Text ass och vun der Kommissioun ugeholl ginn. De Statsrot huet dann de Wonsch geäussert, wann et nach Problemer géif ginn, da kënnten déi jo dee Moment tëschent deene respektiven Direktioune vum Centre an den Archiven oder tëschent deene kompetente Ministere geklärt ginn.

Den Artikel 3 leet d'Modalitéite fest, nodeem de Chargé de direction vum Centre rekrutéiert gëtt. Den Text gesäit vir, dass dat par détachement ass. De Statsrot ass domat och d'accord. En huet allerdéngs virgeschloen, dass kloer soll gesot ginn, dass deen, deen d'Direktioun hei kritt, ee Cycle complet vu véier Joer vun Universitéitsstudië misst hunn, an der Geschicht an notamment an der Spezialitéit vu moderner Geschicht.

Den Artikel 4 schaaft d'Basis, fir dass dee Centre aner Leit, Employéen oder Aarbechter, kann engagéieren. U sech hätt deen Artikel net missen am Gesetz stoen, well wann de Centre de documentation een öffentlechen Déngscht ass, dann hätt och d'Regierung iwwert d'Budgetsgesetz déi do Leit fir dee Service kënne rekrutéieren.

Den Artikel 5 gesäit d'Institutioun vun enger Commission de surveillance vir. Och deen Artikel fënnt d'Zoustëmmung vum Statsrot. E beantstant allerdéngs, dass beim Règlement grand-ducal, deen d'Attributiounen an d'Zesummesetzung vun där Kommissioun virgesäit, net och Indemnitéiten, déi déi Memberen eventuell kënnte kréien, an deem Règlement grand-ducal dra wären. Wann dat de Fall wär, missten déi Indemnitéiten duerch

de Règlement grand-ducal fixéiert ginn an net duerch eng Décisioun vum Regierungsrot eleng. De Statsrot proposéiert dann och den Text an deem Sënn ze complétéieren. Modifikatioun, mat där och déi zoustänneg Kommissioun d'accord ass.

Den Artikel 6 gëtt keen Ulass zu enger Modifikatioun vum Statsrot. Deen Artikel gesäit vir wéi d'Leit déi Dokumenter, déi bei deem neie geschafene Centre de documentation hannerluegt sinn, kënne consultéieren, wéi déi kënnen och no bausse communiquéiert ginn. Do berifft den Text sech op de Règlement grand-ducal, deen och fir déi national Archive Gültegkeet huet.

Den Artikel 7 ännert d'Artikelen 1 bis 3 vum Gesetz vum 25. Februar 1967, e Gesetz dat verschidde Mesurë virgesäit fir d'Affere vum Krich. Deen Text huet och d'Schafung vum Conseil national de la Résistance virgesinn, deen, wéi ech scho gesot hunn, duerch de Comité directeur pour le souvenir de la résistance ersat gëtt. De Statsrot ass och mat där Ofännerung d'accord. E proposéiert allerdéngs och do, esou wéi beim Artikel 5, dass an de Règlement grand-ducal och d'Indemnitéite fir d'Memberen dra gesat ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Kommissioun huet den Text, esou wéi de Statsrot e proposéiert huet, ofgeännert. Et sinn allerdéngs, nodeem d'Diskussioun eriwwer war, nodeem och de Rapport sollt ugeholl ginn, Amendementer komm vun der grénger Fraktioun. Déi Amendementer hu mer an der Kommissioun, well d'Diskussioun ofgeschloss war an de Rapport fäerdeg war, net ugeholl. Mir hu se net diskutéiert, well se net mat Zäit erakomm sinn.

Madame Wagener, ech hunn Iech och gesot, dass näischt Iech verhënnert fir Är Amendementer hei am Plenum kënnen ze diskutéieren, esou wéi den Artikel vun der Verfassung, deen Iech d'Recht gëtt, dass hei am Plenum kann Artikel par Artikel ofgestëmmt ginn, dass Der selbstverständlech Är Amendementer hei kënnt erëmbréngen. Et hätt och näischt verhënnert, wann d'Kommissioun déi Amendementer diskutéiert hätt, dass Der se awer nach eng Kéier an de Plenum bruecht hätt, wouvun ech och ausginn.

Dat gesot, kann ech nëmmen hei feststellen, dass den Text vun der Regierung, esou wéi e vum Conseil d'Etat amendéiert ginn ass, an der Kommissioun eng grouss Majoritéit fonnt huet. Ech géif och dem Plenum proposéieren den Text an där Form ze stëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Ass kee Kolleeg vun der CSV ageschriwwen? Dann huet den Här Bodry d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet geet et drëm fir de Conseil national de la résistance ze reformëieren a fir gläichzäiteg en nationalen Dokumentatiouns- a Recherchezentrum iwwert d'Resistenz ze schafen. D'Gesetz vum 25. Februar 1967, wat elo ënner anerem d'Kompetenze vun dem nationale Resistenzrot festleet, gëtt an deem Sënn ëmgeännert, respektiv ofgeschaaft.

Zënter méi wéi zéng Joer ass d'Iddi vun der Reform vun enger Réorganisatioun vun eisen nationale Strukture wat d'Représentatioun vun der Resistenz ugeet an der Diskussioun. Et ass eng delikat Fro, well se ëmmer Mënsche betrëfft, an dofir huet et och relativ laang gedauert bis et zu deem heite Gesetzestext komm ass. 1988 schonn, dat muss een awer ervirhiewen, sinn éischt Weiche gestallt ginn a Richtung Dokumentatiounszentrum mat der Schafung vun enger Fondation nationale de la résistance. Den CNR soll ëmgedeeft ginn, an enger anerer Form och d'Zesummesetzung, an e Comité directeur du souvenir de la résistance, mat däitlech aneren, virun allem manner Attributioune wéi de Conseil national de la résistance déi haut huet.

Schonn 1995, an dat schéngt mer wichteg ze sinn an eiser spéiderer Diskussioun, huet d'Regierung ervirgehuewen - dat war natierlech nach déi deemoleg Regierung -, dass se de Wonsch hätt, dass deen Dokumentatiounszentrum do sech sollt mat allen Evénementer ouni Ausnahm ofginn, déi sech an där Zäitspan ronderëm den zweete Weltkrich ofginn. Dat schéngt mer eng ganz wesentlech Fro ze sinn. Et handelt sech jo hei ëm eng wëssenschaftlech Institutioun, déi soll opgebaut ginn am Déngscht vun der Öffentlechkeet. Et ass och en Dokumentatiounszentrum, dat heescht eng Bibliothéik, déi soll, ähnlech wéi eis Nationalbibliothéik, eigentlech jidderengem opstoen deen do wëllt consultéieren, respektiv weider Recherchen op deem Thema maachen.

Deen Dokumentatiounszentrum selwer gëtt schliesslech encadréiert duerch eng Iwwerwachungskommissioun, déi den Direkter vun deem Zentrum soll beroden. An enger Fiche financière steet schliesslech dobäi, dass dëse Projet soll keng supplementar Dépensen no sech zéien.

Als LSAP-Fraktioun fanne mer et richteg, dass 62 Joer nom Amarsch vun den Nazi-Truppen hei zu Lëtzebuerg et zu enger Réorganisatioun vun de representativen Organer vun der Resistenz zu Lëtzebuerg kënnt. Déi Réorganisatioun ass iwwerfälleg, a mir fannen et och richteg, dass solle weider Strukture geschafe gi fir eng Recherche iwwert déi kruzial Period vum zweete Weltkrich hei kënnen ze féieren.

Et ass, wéi praktesch dat ganzt 20. Jorhonnert oft, eng Period, déi eis esou no ass, dass se nach relativ wéineg erfuerscht ass. Mir hu vill Spezialiste vum Mëttelalter, mir hu Leit déi sech och ganz gär nach mam 18 Jorhonnert ofginn, mä et ass e Fait, dass d'19. a virun allem ufanks d'20. Jorhonnert eng Period ass, déi hei zu Lëtzebuerg wéineg erfuerscht ass. Dat erkläert och sécherlech, dass nach en direkte Bezuch zu där Period besteet, dass also do déi néideg Distanz, déi ee muss hu fir eng wëssenschaftlech, eng historesch Opschaffung vun enger delikater Zäitperiod vun der Geschicht vun enger Natioun ze maachen, vläicht net ëmmer do ass. Mir bleiwen haut och nach ëmmer a villen Décisiounen déi mir huelen, och politesch, markéiert duerch déi Experienz vum zweete Weltkrich, an och deen héijen Tribut, dee Lëtzebuerg huet misse bezuelen, héijen Tribut sécherlech am Verhältnis zu eiser Bevölkerung duerch déi Leit, déi an der Deportatioun, am Prisong, am KZ, an der Zwangsrekrutéierung ëmkomm sinn. Op 5.700 gëtt d'Zuel vun de Lëtzebuerger chiffréiert, déi hiert Liewen duerch de Krich a während dem Krich gelooss hunn. Dat sinn ëmmerhin 2% vun eiser Bevölkerung.

Et muss een awer och grad esou kloer soen, wa mer hei iwwer Resistenz schwätzen, dass déi Period do net gläichbedeitend war mat der Resistenz hei zu Lëtzebuerg. Déi Period do, déi eigentlech misst erfuerscht ginn, fänkt an den 30er Joren un an déi zitt sech och nach an d'Nokrichsjore mat eran. Esou gesinn ech et, esou gesäit och meng Fraktioun déi ganz Fro do. Ech weess, dass dat eng ganz kriddeleg Fro ass, déi haut nach ëmmer fir ganz passionéiert Debatten och ënner Historiker suergt an déi mir ze spiere kritt hunn an där ganzer Fro ëm d'Rehabilitatioun vun de Volontairë vum Spueniekrich, wou nach déi ganz Diskussioun ronderëm den Ufank vun der Resistenz sech mat eragezunn huet an déi Diskussioun do. Dat ass eigentlech bedauerlech, mä dat ass och haut net anescht wéi senger Zäit, wéi probéiert ginn ass an de 60er Joren am Gesetz déi Resistenz do méi kloer ze definéieren.

Et ass och sécherlech esou, an déi Evénementer ronderëm d'Wehrmacht-Ausstellung zu Esch hunn dat och nach eng Kéier bestätegt, dass och hei zu Lëtzebuerg et Elementer gi vun e bëssen enger vläicht Verschéinerung vun eenzelne Periode vun eiser Geschicht, an do fält och den zweete Weltkrich dran. Wa mer haut vum zweete Weltkrich schwätzen, erënnere mir eis gären, praktesch ausschliesslech, un d'Resistenz oder aner Evénementer, déi gewisen hunn, dass e groussen Deel vun der Lëtzebuerger Bevölkerung sech gewiert huet géint den Okkupant. Mir schwätze ganz wéineg iwwert d'Kollaboratioun, déi awer och e Phenomeen während där selwechter Zäit war.

Et ginn also och hei zu Lëtzebuerg, wéi an anere Länner, gewëssen Tabuen an där doter Fro. Mir hunn d'Tendenz eenzel positiv Elementer ganz staark ervirzesträichen an op méi negativ Elementer vun der Zäit net esou séier den Akzent ze leeën. Et ass also genuch Matière do, géif ech mengen, fir wierklech eng wëssenschaftlech Fuerschung drop opzebauen, déi dann op esou Tabuen net brauch Rücksicht ze huelen.

Mir hätten also och aus deenen Iwwerleeungen eng Virléift gehat, wa mer dee Centre de documentation et de recherche nomméieren, dass mer en dann eigentlech net Dokumentatiounszentrum iwwert d'Resistenz genannt hätten, mä, wéi seng Missioun jo och soll sinn, eigentlech och iwwert déi ganz Period vum zweete Weltkrich hätt sollen nennen. Dat hätt, mengen ech, besser gepasst.

Eng zweet Fro, déi sech hei stellt, ass déi vum Statut vun deem Dokumentatiounszentrum, respektiv vun der ministerieller Tutelle. Hei geet een aus vun der Situatioun wéi se bis elo besteet, wou dat doten eng Attributioun vum Statsminister ass. Deen neie Centre de documentation soll e Service vum Statsministère ginn. D'Fro déi sech natierlech stellt ass, wéi sech deen dote Fuerschungszentrum erëm areit an déi ganz Panoplie vun Instituts culturels nationaux, wéi eis national Archiven, eis national Bibliothéik, wéi se sech an déi Centres de recherche, déi mir hunn, areit, an aner Fuerschungsinstituter déi mer hei zu Lëtzebuerg kennen, déi ëmmer an aner Beräicher täteg sinn, wou eigentlech och aner politesch Zoustännegkeete fir déi eenzel Organer do bestinn. Grad en vue, mengen ech, vun der Schafung vun enger Uni Lëtzebuerg wär et wichteg, dass een do géif probéieren an déi relativ Onuerdnung méi Uerdnung eran ze kréien an e koherenten Opbau vun all deene Forschungs- an Dokumentatiounszentren ze kréien.

Et schéngt mer wesentlech ze sinn, dass mer eng rationell Organisatioun vun deem Ganze kréien, well ech mengen dass dat am Endeffekt och déi wierksaamst, déi zäitspuerendst an och déi spuersaamst Method ass, fir Forschung och hei zu Lëtzebuerg ze bedreiwen.

Eng Fro, déi och opgeworf ginn ass, déi och zu enger Modifikatioun vum Regierungstext gefouert huet:, sinn déi parallell Kompetenzen, déi eigentlech elo entstinn tëschent deem Dokumentatiounszentrum, deen eng spezifesch Missioun huet fir eng gewëssen Zäitperiod, an eisem Nationalarchiv, deen eng allgemeng Missioun fir sämtlech Dokumentatiounen, déi Lëtzebuerg betreffen, eigentlech ze sammelen, ze erhalen an och opzeschaffen.

Mir sinn der Meenung, dass deen Text, deen elo zréckbehale ginn ass, besser ass wéi de Regierungsvirschlag, well en awer kloer mécht, dass d'Nationalarchiven eigentlech net aus där Zäitperiod hei ausgeklammert ginn. Si hunn haut selwer ganz vill Dokumentatioun iwwert déi Period, déi eigentlech hei soll ënnersicht ginn, an et ass also wichteg dass een do ka parallell fueren.

D'Grondviraussetzung ass natierlech, dass déi Konkurrenz, déi e bëssen do besteet, net zu enger Lähmung féiert, an dass do a sech derfir gesuergt gëtt, dass do Hand an Hand geschafft gëtt, dass déi Aarbechten an der Forschung do och an Zukunft koordinéiert ginn, wat déi kruzial Period ronderëm den zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg ugeet.

E bëssen erstaunt ware mer, wéi mer gelies hunn, dass deen heite Projet soll null Impakt op d'Finanzen hunn. Dat mag fir de Moment de Fall si well mat Détachementer geschafft gëtt. D'Fro stellt sech natierlech wou déi Leit waren an elo dann détachéiert ginn, ob se net op där Plaz mussen ersat ginn. An de Projet de loi gesäit awer ausdrécklech fir, dass awer och kënnen zousätzlech Poste geschafe ginn; Astellungen am Beräich vun Employéeën a vun Aarbechter. Déi Méiglechkeet ass also virgesinn, sou dass een awer net kann einfach, mengen ech, pauschal mat engem Saz soen, dass deen doten Text null Répercussiounen op finanziellem Plang kéint hunn.

Eng lescht Fro, déi mir eis gestallt hunn, betrëfft eigentlech d'Zesummesetzung vun där Commission de surveillance, wou ech perséinlech der Meenung sinn: Anstatt dass een eng Commission de surveillance huet an dann elo niewendrun deen neie Comité vum Souvenir de la résistance, wier et eigentlech net méiglech gewiescht déi zwou Fonctiounen mateneen ze verbannen? Hei schafe mir erëm zwee Gremien déi parallell fonctionnéieren, déi deelweis déiselwecht Zesummesetzung hunn, awer net komplett identesch sinn. Och do wier vläicht méi eng rational Organisatioun méiglech gewiescht.

Mä et bleift d'Fro, dass dat, wat e bëssen drolesch ass, dat mat där Missioun ass, déi déi Kommissioun huet. Déi Kommissioun, déi Commission de surveillance heescht, also en Opsiichtsrot praktesch ass, déi soll - an dat ass déi eenzeg Missioun déi am Reglement virgesinn ass - den Direkter beroden, an den Direkter ass selwer Member vun där Kommissioun. Et freet ee sech wat se elo soll kontrolléieren? Wat soll se berode wann den Direkter selwer e volle Member vun där Kommissioun ass? Dat schéngt mir net onbedéngt ganz logesch ze sinn, mä dat ass elo eigentlech net de wesentleche Punkt.

Et gesäit een aus eisen Iwwerleeungen eraus, dass mer u sech hei déi Direktioun richteg fannen, dass een eng Reform vun deene Strukture mécht wat d'Resistenz ugeet; dass et richteg ass, dass ee weider Moyenë wëllt zur Verfügung stelle fir déi ganz Period do ze erfuerschen, well se och hei zu Lëtzebuerg nach net ganz opgeschafft ginn ass. Mä et sinn eenzel Punkten dran, déi schéngen eis net ganz ausgeräift ze sinn.

Mir sinn och e bëssen iwwerrascht, géing ech soen, mat där Schnellegkeet, wéi op eemol zum Schluss elo vun dësem Joer deen Text nach duerch d'Chamber sollt kommen. Mir haten an der Kommissioun schonns festgehalen, dass mer eréischt d'nächst Joer nach eng Kéier géifen an enger Sëtzung drop zréckkommen. Dat ass elo anescht geschitt.

Also et bleift, dass eng Rei Mängel am Text sinn, mä u sech d'Richtung stëmmt, an dofir wäerte mir och am Endeffekt deen heiten Text stëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Alex Bodry. D'Wuert huet elo den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Resistenz am zweete Weltkrich ass a bleift en extrem wichtegt Kapitel an der Lëtzebuerger Geschicht an huet ouni Zweifel zur Festegung vun eiser nationaler Identitéit bäigedroen.

Et muss ee sech haut bewosst sinn, wat d'Resistenz an där schrecklecher Zäit bedeit huet. Couragéiert Fraen a Männer hunn deemools hiert Liewe riskéiert fir dem iwwermächtege Besatzer neen ze soen, neen zur Occupatioun, neen zur Intoleranz, neen zur Grausamkeet an neen zur Kollaboratioun a jeegleche Kompromësser.

D'Resistenz huet sech ënner verschidde Forme manifestéiert, d'Verdeele vun Tracten, d'Verstoppe vu Leit, d'Kämpfen an enger alliéierter Arméi an esou weider. All Resistenzakt wor mat onméigleche Gefore verbonnen a vill Meedercher a Jongen hunn dëst misse mat hirem Liewe bezuelen. All déi, déi de Widderstand geleescht hunn, verdéngen eisen déifste Respekt an eis Dankbarkeet.

Haut, bal 60 Joer nom Enn vum zweete Weltkrich, sinn nëmmen nach wéineg Zeie vun deemools ënnert eis fir deene méi jonke Generatioune vun där schwiereger Epreuve ze zielen. Et ass eis Flicht als Lëtzebuerger Vollek, d'Erënnerung un de Widderstand während dem zweete Weltkrich oprecht ze halen. Dëst Kapitel däerf net banaliséiert oder vergiess ginn. Zemools haut wou ze oft Intoleranz a Xenophobie eng Gefor fir en Europa duerstellen, dat nom Krich um Fundament vum Fridden opgebaut ginn ass.

De Centre de documentation et de recherche sur la résistance ass kee weidere Musée, wéi de Musée national de la résistance zu Esch-Uelzecht oder de Mémorial de la déportation zu Hollerech. Villméi ass d'Haaptaufgab vum Centre de documention et de recherche sur la résistance fir d'Erfaassen, d'Sammelen, d'Archivéieren an déi wëssentlschaftlech Auswäertung vun Dokumenter ze erméiglechen.

D'Archivë vum Conseil national de la résistance ginn iwwerholl an dës solle wëssenschaftlech besser erfaasst ginn. Dësen Dokumentatiounszenter trëtt deemno net a Konkurrenz mat den Nationalarchiven, déi net vun deenen offiziellen Dokumenter amputéiert ginn. Dëst ass och firwat sech hei op d'Resistenz - déi, wéi schonns gesot, en eminent wichtegt Kapitel duerstellt - konzentréiert gëtt an net an engem méi vaste Centre sur la deuxième guerre mondiale soll ënnergoen.

Natierlech ass d'Resistenz an den historesche Kontext vum zweete Weltkrich ze setzen, wou een déi aner Aspekter net däerf vergiessen. D'Geschicht als pluridisziplinär Wëssenschaft kann an däerf sech net op een Aspekt limitéieren, wat awer net muss heeschen, datt all Dokumenter, an dësem Fall déi iwwert den zweete Weltkrich, sollen zentraliséiert ginn. Dofir sinn Zesummenaarbechte mat anere Kulturinstitutioune wéi d'Nationalbibliothéik, d'Nationalarchiven oder auslännesch Muséeë wënschenswäert. Allgemeng muss een dofir antrieden, dass d'Archiven hei zu Lëtzebuerg opgewäert ginn, dat besonnesch am Kader vun eiser nationaler Geschichtsschreiwung.

Här President, de Sëtz vun dësem Centre de documentation et de recherche sur la résistance ass net zoufälleg erausgesicht ginn. Et handelt sech hei ëm e Gebai um Boulevard de la Pétrusse, d'Villa Pauly, dem fréiere Sëtz vun der Gestapo hei zu Lëtzebuerg tëschent 1940 an 1944, wou de Leidenswee vu ville Resistenzler ugefaangen huet. Dëse Choix ass symbolträchteg a wor och e Wonsch vum Conseil national de la résistance.

Et sief bemierkt, dass dëse Conseil national de la résistance, dat

heescht déi offiziell Vertriedung, déi mam Gesetz vum 25. Februar 1967 an d'Liewe geruff ginn ass, mat dësem Gesetz hei duerch e Comité directeur du souvenir de la résistance ersat gëtt. Dëst fir besser deenen heitege Besoinen an Aufgabe gerecht ze ginn a fir dem Generatiounswiessel Rechnung ze droen. De Conseil national de la résistance einfach opzeléise wär eiser Meenung no net ubruecht gewiescht.

Här President, an dësem Kontext wëll ech nach eng Kéier drun erënneren, dass d'Geschicht vun der Demokratescher Partei enk mat der Resistenz verbonnen ass. Aus der Unioun vun de Resistenzorganisatiounen huet sech eise Virleefer, de Groupement patriotique et démocratique, entwéckelt. Opgrond vu senger Geschicht, a well et noutwendeg ass d'Erënnerung un déi schrecklech Zäit vun deemools ze erhalen an déi jonk Leit vun haut ze sensibiliséieren, kann d'Demokratesch Partei dëse Projet de loi nëmme begréissen a seng Zoustëmmung zu dësem neie Gesetz abréngen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Jean-Paul Rippinger. Nächste Riedner ass den Här Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll mech de Mercië vu menge Virriedner un de Rapporteur uschléissen, deen hei ganz däitlech duergeluegt huet ëm wat et an dësem Projet geet. Dofir wäert ech mer all weider Remarquë spuere wat de Contenu vum Projet selwer ubelaangt. Ech wëll och direkt am Ufank hei den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Här President, déi meescht vun eis heibanne kënne sech net méi un déi Zäit erënneren, well se sief et an där Zäit nach ze jonk waren, sief et eréischt no där Zäit op d'Welt komm sinn. Déi meescht vun eis wëssen dat, wat an där schwéierer Krichszäit hei zu Lëtzebuerg war, nëmme vum Héiere-soe vun hiren Elteren, aus der Schoul oder aus de Bicher.

Duerfir fanne mir et och wichteg, datt de Centre national de la résistance net ganz ofgeschaaft gëtt, mä datt mir hei, duerch dee legislativen Akt deen haut de Mëtteg hei soll gesat ginn, duerfir suergen, datt eppes weider bestoe bleift wat sécherstellt, dass d'Resistenz, déi sou vill zur Identitéit an zum lwwerliewe vun eisem Land bäigedroen huet, net an de Vergiess geréit.

Mir sinn och duerfir frou, dass souwuel d'Recherche soll weider gedriwwe ginn, vläicht intensivéiert ginn, an en Dokumentatiounszentrum soll geschafe gi just iwwert déi Resistenz am Krich.

D'Resistenz huet - dat hu meng Virriedner och scho gesot, an ech wëll et vun der Säit vum ADR och nach eng Kéier ënnersträichen - de Mérite, dass an enger nach relativ jonker Natioun dat nationaalt Bewosstsein, d'Gefill vun enger nationaler Identitéit gefestegt, gestäerkt a confirméiert ginn ass. Si huet am Fong geholl definitiv de Schlussstee gesat beim Entstoe vun der Lëtzebuerger Natioun. Si huet awer virun allem an där schwéierer Zäit, wou alles d'ënnescht d'iewescht gaangen ass, eisem Land, esou kleng wéi et och deemools scho war an dobaussen net grouss bekannt war, international Unerkennung bruecht an domat war se gläichzäiteg och e Garant fir eis Fräiheet an eis Onofhängegkeet no der Befreiung.

Fir d'Jugend ass et wichteg, dass bal 60 Joer nodeems dass de Krich eriwwer ass dat net vergiess gëtt an net verluer gëtt ënnerwee oder an de Bibliothéike verstëbst. Mir sollen d'Erënnerung doru waakreg halen, wéi gesot. Wichteg ass awer och - an do deelen ech d'Meenung vum Alex Bodry -, dass mir net nëmmen déi schéin an déi glorräich Säite vun eiser Geschicht sollen opschaffen an no baussen duerstellen, mä dass mir eis éierlech an offen och mat deene sécher manner schéine Säite vun eiser Geschicht auserneesetze mussen.

Domadder geschitt de Resistenzler jo och näischt. Au contraire, hir Roll, mengen ech, gëtt doduerch nach méi erausgestrach, well et domadder nach méi däitlech gëtt wat si tatsächlech geleescht hunn, wéi se de Kapp duergehalen hunn, si mat hire Familljen, an net nëmmen Hab a Gut, mä souguer d'Liewe riskéiert hu fir d'Fräiheet vum Land.

Den Alex Bodry huet zu Recht hei eng Fro opgeworf vun dem organeschen Opbau vun der Recherche hei am Land. Déi Fro ass sécher zu Recht gestallt. Et ass nach net ganz kloer wéi dat hei herno fonctionnéiere soll. Ech mengen, d'Regierung soll sech Gedanke maachen, datt et sech harmonesch afügt an dat wat besteet. Mir fannen awer op där anerer Säit, dass et wichteg ass, dass hei en Organ geschafe gëtt wat sech quasi ausschliesslech mat der Opschaffung vun där Geschicht befaasst, déi also hir Aktivitéit dorop fokusséiert, fir dass déi Aarbecht wierklech gutt a grëndlech gemaach gëtt.

Här President, ech ginn net weider an d'Detailer vum Projet. Ech wëll nach eng Kéier den Accord vun eiser Fraktioun abréngen a soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Roby Mehlen. D'Madame Renée Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, et si vläicht Leit hei bannen, déi mengen, dass de virleiende Projet éischter en niewesächleche wär. Ech menge perséinlech, dass et en immens signifikative Projet ass, net nëmme wéinst dem Sujet deen en traitéiert, mä och well en eppes ausseet iwwert den Ëmgang vun der Lëtzebuerger Gesellschaft mat der Geschicht vum zweete Weltkrich, a méi global mat hirer Geschicht an hirer Aart a Weis hir eege Vergaangenheet ze verschaffen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Leider, Här President, dréckt dee Projet eng Approche aus, déi sech par rapport zu fréier wéineg geännert huet. Mir hunn zu Lëtzebuerg eng Geschichtsduerstellung déi sech bal exklusiv op d'Beschäftegung mat der Resistenz reduzéiert. Mir hunn eng offiziell Geschichtsschreiwung, an dat erkläert vläicht och firwat dass et bis elo net vill méi wäit gaangen ass, déi haaptsächlech vu Fonctionnairen an hirer Fräizäit, heiansdo och op hirer Aarbechtsplaz, gemaach ginn ass.

Manner glorräich Kapitele wéi zum Beispill d'Kollaboratioun, déi héich Proportioun vu jüdesche Leit déi ënnert der Naziverfolgung ëmkomm ass, d'Haltung vun der Lëtzebuerger Verwaltungskommissioun bei der Preparatioun vun den Deportatiounen, den Antisemitismus zu Lëtzebuerg virum zweete Weltkrich, d'Ofschiebunge vun 350 Judden 1938, d'Schicksal vun 200 Sinti a Roma, oder och nach nom Krich d'Akte vu Selbstjustiz, esou wéi sou komplex Sujete wéi d'Positionéierung vun der Lëtzebuerger Wirtschaft par rapport zum Okkupant, gi meeschtens ausgeblennt a sinn duerfir wéineg erfuerscht.

Neierdéngs gëtt et natierlech ëmmer méi positiv Ausnahmen. Ech denken zum Beispill un d'Austellung am Stater Geschichtsmusée. Ech denken och un d'Ausstellung iwwert d'Wehrmacht, déi elo zu Esch ze gesinn ass. Ech bedaueren, dass d'Regierung hei net d'Geleeënheet ergraff huet fir sech en Instrument zur Geschichtsbewältegung ze ginn, dat dem 21. Jorhonnert an den heitegen Usprëch un eng demokratesch, oppen a wëssenschaftlech Beschäftegung mat eiser Vergaangenheet entsprécht. Dat wat den Här Statsminister hei proposéiert huet ass en Text deen dat weider schwiereg bis onméiglech mécht, en Text dee gepräegt ass vun historiographesche Scheiklappen, vun enger Main mise vum Statsapparat a vun enger Politik vun der Mise en place vum Personal vun där ee gehofft hätt, dass se der Vergaangenheet géif ugehéieren.

De Statsminister hat och wéineg Bedierfnisser, an der Kommissioun mat eis zesummen iwwert deen Text hei ze schwätzen. Hien huet haaptsächlech an engem Bréif, dee mir vum Här Biltgen kritt hunn, insistéiert, dass säin Text nach sollt viru Chrëschtdag hei gestëmmt ginn. Ech bedaueren, dass et huet missen esou oflafen.

Mir hunn als Gréng och net ganz vill Gehéier fonnt fir eis Kriticken an der Kommissioun, dat betrëfft also net nëmmen d'Regierung, déi doten Approche, mä och d'Majoritéitsparteien, an och net fir eis Amendementer, déi virdru schonns ernimmt gi sinn, mat deene mir versicht hunn awer nach Verbesserungen an deen Text ze bréngen an nach ze rette wat ze rette wär. Ech hunn do emol erëm eng Kéier missten d'Erfahrung maachen, dass d'Majoritéitsparteien, wann et muss sinn, och d'Guillotine erausheule fir net mussen iwwer Amendementen an der Kommissioun - wou wierklech nach Zäit war - inhaltlech eppes ze änneren, ze diskutéieren. Mä eigentlech menge mir awer, Här President, hätt d'Regierung besser gehat deen Text zréck ze zéien an eng komplett Refonte ze maachen.

Ech wéilt duerfir, a fir mech vläicht nach méi ze erklären, op déi Amendementen agoen, déi méi prezis d'Schwaachstelle vun dësem Projet de loi illustréieren.

Éischtens den Numm an domat d'Aufgabegebitt. Dee Centre de documentation et de recherche soll iwwert d'Resistenz schaffen, heescht säin Titel. Mir mengen awer, dass et vill méi wäit misst goe wéi d'Resistenz, datt et méi e breet ugeluegtenen Titel misst sinn, zum Beispill deuxième guerre mondiale. Dat hu mir an eisem éischten Amendement esou festgehalen.

Et hätt een och méi wäit kéinte goe wéi dat am Ausland zum Beispill de Fall ass, wou ee feststellt, dass déi Instituter, déi sech mat der Geschichtsfuerschung zum zweete Weltkrich beschäftegen, vill méi fréi schonn etabléiert gi sinn, an dass se alleguerten eigentlech relativ schnell op de Punkt komm si fir ze soen: „Et geet net duer dass mir eise Sujet esou agrenzen. Mir mussen e méi breet ugoen." Dat si mëttlerweil ganz oft Instituter zur Zäitgeschicht oder Instituter zur Geschicht vum 20. Jorhonnert, wou d'Beschäftegung mam zweete Weltkrich dann ee Fuerschungsberäich dovunner ass. Déi Propos, déi mir hei maachen, ass also an deem Sënn nach eng relativ zréckhalend Propositioun.

Zweetens d'Struktur vun deem Zentrum, dee soll ënnert der Tutelle vum Statsministère da schaffen, an dat bedeit net emol, wéi dat bei aneren ähnlechen Instituter de Fall ass, als Institut culturel. Ech denken do un d'Nationalbibliothéik, ech denken awer och un d'Archiven, mat deene jo grad dëse Centre de documentation soll enk zesummeschaffen a wou ee sech wierklech ëmmer nach d'Fro ka stellen, wéi eigentlech an der Praxis herno déi Zesummenaarbecht wäert ausgesinn, och um reng technneschen, ënneschten Niveau. Ech denken do zum Beispill un d'Transferéiere vun Dossieren an esou virun.

Déi heiten Approche déi gewielt ginn ass am Projet de loi fanne mir zimlech zweifelhaft. Mir sinn der Meenung, dass grad en Institut, dat sech mat esou enger sensibler Matière befaasst, misst eng gewëssen Onofhängegkeet vum Statsapparat behalen an d'Garantie hunn, datt et keng Hofberichterstattung brauch ze maachen.

Och hei wéilt ech op d'Ausland verweisen. Ech zitéieren den CEGES aus der Belsch, e Centre d'Etude et de Documentation Guerre et Sociétés contemporaines, deen also vill méi breet ugeluegt ass an deen och en Etablissement scientifique ass, dat heescht deen eng ganz aner Form huet wéi déi, déi hei gewielt ginn ass. Iwwregens huet deen CEGES och de Colloque, dee viru kuerzem oder virun e puer Méint zu Esch iwwert d'Resistenz stattfonnt huet, matgehollef organiséieren. Ech denken och a Frankräich un d'Form vun den CNRSen, vun de Centres nationaux de recherche scientifique, déi déi doten Aufgab iwwerhuelen, oder un déi Strukturen déi et an Däitschland meeschtens gëtt, nämlech d'Form vun de Stëftungen.

Zu Lëtzebuerg hu mir am Beräich vun der Fuerschung och eng ganz Rei vun Instituter schonn, déi eng si méi, déi aner manner onofhängeg. Mir hunn zum Beispill e Centre de Documentation sur les Migrations, wat eng einfach Asbl ass, mat enger Rei vu finanziellen Nodeeler déi sech doduerch erginn. Mir hunn awer och eng Rei vu Centres de recherche, wou ee sech am Fong scho kann drun inspiréieren, déi e bësse méi Onofhängegkeet awer hätte par rapport zu där Form déi hei gewielt ginn ass.

Mir hunn och verschidde Fongen déi aktiv sinn an, wat ganz interessant ass, am Projet de loi selwer gëtt erwähnt, dass 1988 schonn eng Kéier eng Fondation nationale sur la résistance gegrënnt gi war. Et kann ee sech also d'Fro stellen: Firwat ass déi Fondatioun net geholl ginn? Firwat ass net op där Basis opgebaut gi fir dee Centre de documentation hei ze entwéckelen? A wat ass eigentlech aus där Fondatioun hei ginn?

Här President, wéi gesot, mir hunn als Alternativ en Etablissement public proposéiert. Mir wäre sécherlech och fir aner Alternativen op gewiescht, déi fir e bësse méi politesch Distanz vum Statsapparat gesuergt hätten. Dat wär eng Diskussioun, déi ee sécherlech nach am Detail hätt kéinte féieren. Mir hunn och de Centre ënnert d'Tutelle vum Ministère de la Culture, de l'Enseignement Supérieur et de la Recherche gesat, analog zu deene bestoende Centres de recherche publics an analog och eben zur Praxis, wéi se an den Nopeschlänner besteet. Dann een zweete Beräich, dee vun de Missioune vun dësem Centre, dee sech, esou wéi den Text dat elo virgesäit, op d'Sammelen an d'Conservéiere vun Dokumentatioun par rapport zur Resistenz begrenzt. Just dee leschten Tiret begräift d'Sauvegarde vun der Mémoire collective. Mir mengen och, dass dat a Widdersproch souguer zum Exposé des motifs selwer vum Projet de loi steet, wou am Fong d'Missioune méi wäit gefaasst ginn. Wann een dann awer déi eenzel Gesetzesartikele liest, ass dat net méi de Fall.

Ech hunn a mengen Amendementen net nëmmen an der virdru beschriwwener Approche d'Missioune méi wäit gefaasst, engersäits chronologesch op d'Vir- an op d'Nokrichszäit, anerersäits och thematesch, wou ech notamment d'Kollaboratioun an d'Juddeverfolgung mat abezunn hunn, mä ech hunn och Tirete preziséiert a bäigesat.

Mir hunn zum Beispill gemengt, datt ee misst däitlech soen, dass d'Dokumentatioun fir de Public misst zougänglech sinn, wat elo net esou dra steet. Mir hunn och den Optrag dra gesat, duerch publizéieren oder fördere vu Publikatioune fir eng Mise en valeur ze suergen. Mir hu bäigesat, dass de Centre soll kënnen Aktivitéiten zum Thema vu senge Recherchen organiséieren, respektiv d'Boursen u Chercheuren an Associatioune ginn, déi an deem Beräich eng wëssenschaftlech Aarbecht maachen. An dann hu mer awer och, Här President, en Optrag bäigesat, deen elo ganz feelt. Dat ass och erstaunlech, well am Exposé des motifs driwwer geschwat gëtt, nämlech d'Zesummenaarbecht mat ähnleche Strukturen a Réseauen am Ausland, an notamment mam Comité International d'Histoire de la Deuxième Guerre Mondiale. Dat ass ëmsou méi erstaunlech, well wann een op den Internet kucke geet, da gesäit een dass dee Beamten, deen am Moment responsabel ass beim Centre de documentation - deen, wéi mer wëssen, jo schonn eng Rei vu Joren existéiert - Lëtzebuerg an dem Comité International vertrëtt, sou datt een am Fong net richteg kann novollzéien, firwat mer dat net an de Missiounen och ernimmt hunn. Da schlussendlech den Optrag un dee Centre, eng Métaréflexioun ze féieren iwwert d'Approche vun der Geschichtsfuerschung selwer.

De Rescht vun den Amendemente betrëfft d'Struktur vum Etablissement public - ech ginn do net op den Detail an -, déi mer einfach bei bestoenden Etablissements publics kopéiert hunn. Mir hu just nach bäigesat, dass de Conseil d'administration soll all dräi Joer e Programme cadre definéieren, fir datt iwwerhaapt mol iergendwou festgehal gëtt, wou dat Schëff da soll histeieren.

Déi Struktur vun engem Etablissement public bedéngt och, wär awer net indispensabel fir eng aner Approche a Saachen Astellungspolitik. Hei géifen nämlech déi noutwendeg Plazen op eng transparent an demokratesch Aart a Weis ausgeschriwwe ginn, amplaz dass, wéi hei am Projet de loi virgesinn, reng nëmmen iwwert Détachementer gefuer gëtt.

Iwwregens an deem Kontext och nach eng Remarque: Et ass erstaunlech, dass fir déi heite Plaz elo, nodeems datt de Conseil d'Etat do och nach eng Ännerung gemaach huet, festgehal gëtt, datt ee muss véier Joer Uni hunn. Wann een dat mat aneren Instituter vergläicht, an notamment eise Centres de recherche, dann ass et eigentlech gängeg - an ech denken dass et bei eiser Uni, déi mer deemnächst kréien, och esou wäert sinn -, dass ee fir esou e Poste muss een Doktorat hunn. Hei ass dat net de Fall. Et kann ee sech d'Fro stellen, firwat dass dat esou ass.

Et hätt een nach méi kënnen änneren. Et hätt een zum Beispill aus der Commission de surveillance, wéi se am Text steet, e Conseil scientifique maachen. Dann hätt ee vläicht och déi Suggestiounen, déi den Här Bodry virdu gemaach huet, besser kéinten integréieren, esou wéi een insgesamt - an och dat ass scho gesot ginn - iwwert déi Dräideelung, déi de Projet tëschent Centre de documentation et de recherche, Commission de surveillance a Conseil pour le souvenir de la résistance virhëlt, ka seng Zweifelen hunn.

Iwwregens gi mer net ganz vill iwwert d'Kompositioun selwer vun deene Gremien an d'Nimm vun de Leit, déi déi Poste solle besetzen, gewuer. Och dat géif sécherlech fir eng Rei vun Diskussioune kënne suergen. Et hätt een och - an domadder kommen ech esou lues zum Schluss - kéinten iwwert dem Centre seng Integratioun an de Kontext vun der Uni, iwwert déi mer jo deemnächst hei och wäerten debattéieren, nodenken.

Här President, ech déposéieren dann elo déi zéng Amendementen.

***Amendement 1***

*L'intitulé du projet de loi est modifié comme suit:*

*„Projet de loi portant*

*- création d'un Centre de Documentation et de Recherche sur la Seconde Guerre mondiale;*

*- modification de la loi du 25 février 1967 ayant pour objet diverses mesures en faveur de personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant."*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

***Amendement 2***

*Le titre du chapitre 1 est modifié comme suit:*

*„Chapitre 1er - Centre de Documentation et de Recherche sur la Seconde Guerre mondiale"*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

***Amendement 3***

*L'article 1 er est modifié comme suit:*

*„Art 1er.- Il est créé un établissement public sous la dénomination „Centre de Documentation et de Recherche sur la Seconde Guerre mondiale", appelé ci-après le „Centre".*

*L'établissement dispose de la personnalité juridique et jouit de l'autonomie scientifique, financière et administrative, sous la tutelle du ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*

*Le siège de l'établissement est fixé à Luxembourg."*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

***Amendement 4***

*Les trois premiers tirets de l'article 2 sont modifiés comme suit:*

*"- de recenser, rassembler, archiver et conserver, en collaboration avec les Archives nationales, la documentation relative à la Seconde Guerre mondiale, à ses antécédents et conséquences, et aux phénomènes en rapport avec elle, notamment la Résistance, la collaboration, les conflits d'avant- et d'après-guerre ainsi que la persécution des personnes juives";*

*- de mettre à la disposition du public la documentation scientifique pour l'étude des guerres et des sociétés contemporaines;*

*- de mettre en valeur cette documentation, notamment en publiant ou en soutenant la publication d'études sur les matières visées par le présent article;*

*- d'entreprendre ou de soutenir la recherche historique et scientifique sur les matières visées par le présent article;"*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

***Amendement 5***

*A l'article 2 il est ajouté les tirets suivants:*

*"- de créer et d'entretenir des réseaux de coopération européens et internationaux en rapport avec les matières visées par le présent article et d'assurer la coordination avec le Comité international d'histoire de la deuxième guerre mondiale;*

*- d'entretenir un processus de réflexion continu en fonction de l'évolution de la recherche."*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

***Amendement 6***

*A l'article 2, il est ajouté le paragraphe suivant:*

*„Dans le cadre de sa mission, le Centre peut organiser des activités visant la sauvegarde de la mémoire collective, attribuer des bourses à des chercheurs et scientifiques et allouer des subsides à des associations poursuivant des activités à caractère scientifique."*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

***Amendement 7***

*L'article 3 est modifié comme suit:*

*„Art. 3.- Le Centre est administré par un conseil d'administration composé de neuf membres et un représentant au moins du Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, nommés par le Grand-Duc sur proposition du Gouvernement en conseil.*

*Le Conseil d'administration nommera un directeur ou une directrice dont il définira les attributions scientifiques, administratives et financières. Il ou elle doit faire valoir des études universitaires en histoire, spécialité en histoire contemporaine."*

*Ne peuvent devenir membre du conseil d'administration le ou les fonctionnaires qui, en vertu de leurs fonctions, sont appelés à surveiller ou à contrôler l'établissement ou qui, en vertu des pouvoirs leur délégués, approuvent des actes administratifs de l'établissement ou signent des ordonnances de paiement ou toute autre pièce administrative entraînant une dépense de l'Etat en faveur de l'établissement.*

*Le conseil d'administration élabore un programme-cadre triennal des activités du Centre.*

*Il a la faculté de recourir à l'avis d'experts s'il le juge nécessaire. Les experts peuvent assister avec voix consultative aux réunions du conseil d'administration, si celui-ci le leur demande."*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

***Amendement 8***

*Il est ajouté un nouvel article 4 suivant:*

*„Art. 4.- Le conseil d'administration prend toutes les décisions en relation avec la gestion de l'établissement, sous réserve de l'approbation du ministre de tutelle pour ce qui est des points suivants:*

*1) le budget d'investissement et d'exploitation et les comptes de fin d'exercice;*

*5) l'engagement et le licenciement du personnel dirigeant de l'établissement;*

*6) la grille des emplois et leur classification ainsi que le niveau de rémunération du personnel."*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

***Amendement 9***

*L'article 4 actuel devient l'article 5 et est modifié comme suit:*

*„Art. 5.- Le personnel est lié au Centre par un contrat de louage de service de droit privé. des fonctionnaires ou employés de l'Etat peuvent être détachés au Centre en vue d'y effectuer des tâches relevant de a compétence du Centre pour une durée déterminée, en application de l'article 7 de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'Etat."*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

***Amendement 10***

*Il est ajouté un nouvel article 6 suivant:*

*„Art. 6.- Le Centre dispose des allocations provenant du budget des recettes et des dépenses de l'Etat et dont le montant sera fixé chaque année par la loi budgétaire.*

*Le conseil d'administration arrête annuellement le budget du Centre et le soumet pour avis au ministre ayant dans ses attributions la recherche scientifique et la recherche appliquée avant le 1er avril de l'année précédant l'exercice en question, ce dernier saisit le Gouvernement pour approbation.*

*Les comptes du Centre sont tenus suivant les règles de la comptabilité commerciale.*

*L'exercice financier coïncide avec l'année civile. A la clôture de chaque exercice le secrétaire général soumet au conseil d'administration un projet de bilan et un projet de compte de profits et pertes."*

*Le conseil d'administration établit annuellement un rapport d'activités sur l'exercice précédent, une description des activités de l'exercice en cours et un programme des activités concernant le ou les exercices suivants qu'il soumet avant le 16 avril au ministre ayant dans ses attributions la recherche scientifique et la recherche appliquée.*

*Un réviseur d'entreprises, désigné par le Gouvernement en conseil, est chargé de contrôler les comptes de l'établissement ainsi que la régularité des opérations effectuées et des écritures comptables.*

*Le conseil d'administration approuve ensuite les comptes de fin d'exercice et décide de l'affectation de l'excédent de recettes éventuel.*

*Pour le 1er mai au plus tard, le conseil d'administration présente au ministre ayant dans ses attributions la recherche scientifique et la recherche appliquée les comptes de fin d'exercice accompagnés d'un rapport circonstancié sur la situation et le fonctionnement du Centre, ainsi que du rapport du réviseur d'entreprises."*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir maachen eis keng Illusioun wat eis Amendemente betrëfft, och wa mer sécherlech wäerten drop halen - an dat soen ech dann och un d'Adress vum Här Meyers -, datt se wäerten eenzel hei ofgestëmmt ginn, mä mir setzen eis dofir an, dass déi inhaltlech Diskussioun ëm déi et hei geet an der Öffentlechkeet gefouert gëtt. Mir betruechten eis Amendementen als ee Beitrag zu där dréngend notwendeger Diskussioun ronderëm der Lëtzebuerger Gesellschaft hiren Ëmgang mat hirer Geschicht, hirer Vergaangenheet an hiren historesche Responsabilitéiten.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statsminister, den Här Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, contrairement zu deem wat konnt hei gesot gi schaaft dee Projet de loi hei de Conseil national de la résistance of an ersetzt en duerch een anert, méi gefaaltent Gremium, dat hei op eng mustergülteg Aart a Weis vum Rapporteur - deem ech merci soen -, dem Här Paul-Henri Meyers, an de verschiddenen Artikulatiounen duergeluegt ginn ass.

Wourëms geet et hei? Wourëms geet et a ween huet dat ze maache wourëms et hei geet? Wouraus, wann een déi Froe richteg beäntwert, resultéiert, firwat dass et hei net ëm déi Elementer geet, iwwert déi d'Madame Wagener hei geschwat huet.

Et geet hei drëm, dass een d'Erënnerung un d'Resistenz waakreg hält, wat eng vun deenen impressionnanteste Säiten aus der lëtzebuergescher Geschicht ass. Et geet hei drëm sécher ze stellen, dass all méiglech Zorte vu Revisionisten, déi déi nei Geschichtsschreiwung an Europa probéieren ënnert hir Fuchtel ze huelen, scheiteren un organiséierter Mémoire vun der Resistenz. Et geet drëm, fir den erfonntene Fakte vum Joer 2032 déi geballte Faktebildung vun der Sammlung a vun der Fuerschung ronderëm d'Resistenz an duerch d'Resistenz selwer kënnen entgéint ze setzen an dat och virzebereeden.

Déi Leit, déi d'Resistenz zu Lëtzebuerg vertrieden, déi déi verschidden Associatioune vun der Resistenz vertrieden, déi déi verschidde patriotesch Mouvementer vertrieden an déi zënter 1967 am Conseil national de la résistance zesummegefaasst sinn, hunn opgrond ouni Zweifel och a laut eegenem Ageständnis vun engem Alter, dee se net méi jonk mécht, de Wonsch un d'Regierung an un de Statsminister erugedroe fir opgeléist ze ginn als bisherig eleng representativ Struktur vun der Resistenz a gläichzäiteg de Wonsch geäussert iwwert d'Resistenz selwer hiren eegenen Dokumentatiounszentrum ze bedreiwen a fir sécher ze stellen - well eng Natioun kënnt ouni Symboler, déi sech widderhuelen, net aus -, fir dass d'Erënnerung un d'Resistenz net verschwënnt, ee Comité directeur pour le souvenir de la résistance op d'Been ze stellen.

Wee wier ech a wee sinn eigentlech anerer, dass se, wann aus der Mëtt vun der Resistenz eraus dee Wonsch esou formuléiert gëtt: "Léist dat Gremium, wat mer hunn, op an ersetzt et wann ech gelift duerch déi zwou Instanzen do"? Wee wier ech fir ze soen: „Elo soen ech Iech emol wéi et richteg gemaach gëtt"?

Ech hunn net den Alter fir dat ze maachen. Ech hunn net Resistenzan net Krichserfahrung, fir deene Leit aus där Generatioun ze soen, wéi si mat sech selwer ëmzegoen hätten. Dofir hunn ech dat zu kengem Moment eeschthaft an Erwägung gezunn. Mir hu fonnt et géif menger Generatioun gutt zu Gesicht stoen, wa mer eigentlech déi Wënsch, déi aus där Generatioun eraus un eis ugedroe ginn - eent zu eent, wéi anerer géife soen -, ëmzesetzen an deem Projet de loi, dee mer hei leien hunn.

Dat zweet: Selbstverständlech trieden ech a kee Sträit mat kengem driwwer an. Weder mam Här Bodry, deen dat propper hei formuléiert huet, wéi och d'Madame Wagener, déi mat liicht gefierftenen Zongeschléi, mä ëmmerhin an der Saach awer berechtegt, Iwwerleeunge virgedroen huet ronderëm Evénementer, déi zu Lëtzebuerg stattfonnt hunn, virun der Occupatioun duerch déi Däitsch Truppen den 10. Mee, während der Occupatiounszäit an och no dem Enn vun der Occupatiounszäit. Ech trieden kengem entgéint.

Dir gesitt, dass och dat muss erfuerscht ginn, dokumentéiert ginn, beluegt ginn, kritesch hannerfrot ginn, fir dass d'Geschichtsschreiwung ronderëm an iwwert eng Period komplett gëtt. Et ass just net Plaz an dësem Projet de loi fir dat ze maachen, well hei geet et drëm déi offiziell Vertriedung vun der Resistenz, déi sech Conseil national de la résistance genannt huet, ze ersetze fir hiren eegenen Zweck, och fir hir Selbstdarstellung duerch déi Gremien, déi hei proposéiert gi sinn.

Näischt soll eis dovunner ofhalen, déi aner Aufgaben, déi notamment d'Madame Wagener hei zu Recht an hirer Noutwendegkeet beschriwwen huet, iwwer aner Weeër och ze bedreiwen an déi Weeër, déi mer wëlle bedreiwen, och ze beschreiden.

Een éischten Usaz an deem Rayon hu mer och gemaach, wéi mer virun iwwert engem Joer d'Commission d'étude sur la spoliation des biens juifs agesat hunn, déi hei an dëser Debatt iwwerhaapt keng Erwähnung fonnt huet, wou mer ganz genau studéieren an där Kommissioun - et ass eng Proposition de loi vum Här Fayot an déi Richtung gewiescht, virun enger gewëssener Zäit - wéi dann den Ëmgang mat eise jüdesche Matbierger war, an dat fänkt nécessairement virun dem Zäitpunkt vun der Däitscher Besatzung un, wéi mat hinne selwer a mat hirem Verméigen ëmgaange ginn ass, virum Krich, nom Krich an och während dem Krich. Sou fir also d'Impressioun ze ginn, d'Regierung wëllt doduerch, dass se dëse Projet de loi virleet, een Deel vun der Geschicht zoudecken, fir dass jo nëmme kee kucke geet wat dann ënnert där Decken do kënnt leien, ass eng Impressioun, déi een esou net stoe ka loossen.

Et geet an dësem Gesetzesprojet ëm dat wat ech am Ufank vu menger Interventioun gesot hunn an net ëm déi Elementer, déi vun anere Kolleegen, notamment vun der Madame Wagener an deelweis och vum Här Bodry, hei genannt gi sinn, déi ech fir richteg fannen, mä déi net hir Plaz an dëser Gesetzesgebung fannen. Och gesäit een dat ganz gutt an der Aart a Weis, wéi an de Länner ronderëm eis den Ëmgang mat dësem Deel vun där Thematik vun der Resistenz, vun der Resistenz als Thematik, an déi fänkt nun emol den 10. Mee 1940 un an der Opfaassung vun deenen, déi sech zur Resistenz zu Lëtzebuerg zielen. Et ass keng Wëssenschaft. Ech behaapten et ass d'Beschreiwung vun der Opfaassung iwwert sech selwer vun deenen, déi an der Resistenz waren.

Och am Ausland gëtt et getrennte Verfahrensweisen am Ëmgank mat der Erënnerung, der Mémoire collective, a méi konzentréiert där vun der Resistenz an der Geschichtsschreiwung. Allgemeng a Frankräich gëtt et d'"Fondation de la Résistance en France". Déi steet ënnert der Tutelle vum President vun der Republik an déi huet als Objet, sou wéi eis Gremien déi mer elo hei schafen, fir d'Mémoire vun der Resistenz ze pérenniséieren an hir eege Geschicht vun der Resistenz ze schreiwe mat deenen Témoignagen an Dokumenter, déi et aus där Zäit gëtt.

Déi gëtt et och zu Lëtzebuerg, a ganz groussem Mooss, an déi ass net integral erfuerscht an déi ganz Resistenzzäit ass net integral dokumentéiert. All Dag ginn déi Leit, déi sech dorëms bekëmmeren, mat neie Sourcen, mat neien Dokumenter befaasst, esou dass genuch Aarbecht bleift fir dat ze maachen, firwat dass déi heite Gremien elo als Ofléisung vum Conseil national de la résistance opgebaut ginn.

Ech hu guer näischt dergéint wann een de Wee fënnt fir un enger Motioun an iergendengem aneren Text d'Regierung opzefuerderen, esou wéi ugedeit, mä iwwer aner Gremien, dat ze maachen, wat hei suggéréiert ginn ass. Et gëtt keng Geschicht ouni Virgeschicht, an et gëtt keng Virgeschicht mat Geschicht ouni eng Geschicht duerno, an ech halen déi selbstverständlech och fir noutwendeg, ze kucken. Mä hei wier ech frou, wann d'Chamber sech kënnt der Meenung vun de Resistenzorganisatioune selwer a vun der Regierung uschléissen, dass een dat wat d'Resistenz betrëfft esou ëmorganiséiert, wéi dat vun der Resistenz selwer gewënscht gëtt. Well si mengt, dat wier de beschte Wee fir sécher ze stellen, dass d'Erënnerung un dat, wat se fir eis gemaach hunn, net verschwënnt.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Madame Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech froe Parole après Ministre.

Här President, ech wollt dem Här Statsminister e puer Saachen äntwerten. Hie seet éischtens, wie si mir fir dem Conseil national de la résistance ze soen, wéi e soll säin Aufgabeberäich definéieren an eventuell och begrenzen. Ech wëll drop opmierksam maachen, dass hien, de Statsminister, selwer en

Text proposéiert, wou dee Conseil an och de Centre de documentation haaptsächlech ënnert seng direkt Tutelle kommen, wat jo eng gewëssen Noheet trotzdeem ausdréckt an och d'Méiglechkeet fir Afloss ze huelen.

Deen zweete Punkt ass, datt de Statsminister virdru gesot huet, dass dee Centre de documentation sech sollt ausschliesslech mat der Resistenz beschäftegen. Ech liesen hei aus dem Exposé des motifs vir: „Dès 1995, le Gouvernement a exprimé le vœux que le Centre de documentation s'occupe de tous les événements sans distinction qui se sont produits au cours de ces années difficiles. En effet, il est difficile de concevoir que ce Centre de documentation limite sa tâche à regrouper les seuls documents relatifs à la résistance."

Ech brauch net weider ze fueren. Ech mengen, déi Sätz do si kloer. Ech denken, datt et hei wierklech dorëms geet, datt mir zu Lëtzebuerg zënter 60 Joer net ganz vill gemaach hu fir déi Fuerschung par rapport zum zweete Weltkrich op engem wëssenschaftlechen Niveau ze hiewen an och fir hir eng Struktur ze ginn, an där se professionell ka virgoen, esou wéi dat an allen anere Länner eng Selbstverständlechkeet ass.

Ech hu guer näischt dergéint, wann e Centre pour le souvenir de la résistance, wéi en dann elo heescht, ee Centre de documentation kritt. Mä wann ee sech eens driwwer ass, datt déi zwou Saache wichteg sinn, da muss een driwwer diskutéieren, a wéi enger Struktur datt een dat mécht, mä da muss een dat zweet awer och schafen.

Ech muss soen, ech fannen et net an der Rei, dass mir zu Lëtzebuerg schonn esou laang drop waarden, dass mir deen aneren Deel, deen och seng Wichtegkeet a seng Noutwendegkeet huet, ëmmer nach net hei hunn, an dass mer deen heite Projet de loi net geholl hunn als Chance fir dann och zu Lëtzebuerg déi wëssenschaftlech a professionell Fuerschung kënnen unzegoen.

Dann ass gesot ginn, ech géif mat gefierftener Zong hei schwätzen. Ech wëll just drop opmierksam maachen, datt grad bei deem heite Projet ech net nëmmen eng Parteimeenung vertrieden, mä och als eent wat d'Instituts culturels vu banne kennt schwätzen, respektiv als eent wat a sengen Unisstudië sech och mat neier Geschicht befaasst huet. Dofir wëllt ech nach eng Kéier drop hiweisen, datt et eis net drëms geet, d'Fuerschung iwwert d'Resistenz a Fro ze stellen. Mä et geet eis drëms, datt mer zu Lëtzebuerg eng seriö Vergaangenheetsbewältegung maachen an esou wéi ech den Text hei virgelies hu geet et der Lëtzebuerger Regierung jo och dorëms. Da soll se endlech Neel mat Käpp maachen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, ech hunn eng Rei Äntwerte ginn, déi déi Äntwert do net noutwendeg gemaach hätt, well se keng Äntwerten op meng Äntwert op der Madame Wagener hir Ufroe war.

Et brauch ee mir hei den Exposé des motifs net ze zitéieren, fir den Auteur vum Text a Contradictioun mat den Intentioune vum Text wëllen ze bleiwen. Ech hunn zwar keng Geschicht studéiert, mä franséisch genuch fir ze wëssen, dass dat, wat am Exposé des motifs steet, colléiert mam Inhalt vun deem wat déi zwee Gremien hei wëlle maachen.

***(Interruptions et hilarité)***

Well, wat mer hei wëlle maachen ass, selbstverständlech, alles zesummen ze droe wat mat der Resistenz ze dinn huet, a précisément net nëmmen ze kucke wat eigentlech d'Definitioun vun der Resistenz duerch d'Resistenz selwer ass, wat den 10. Mee geschitt ass, mä och Virleeferelementer ze kucken, mä awer net an dësem Kader an där breeder, méi déiwer gewënschtener Form vun der Madame Wagener.

Ech deelen dee Souci vun der Madame Wagener - deelweis och vum Här Bodry geäussert - absolut. Ech soe just, wann et drëm geet Nofolgestrukture fir de Conseil national de la résistance ze kréien, ass dat net d'Plaz fir déi doten Diskussioun. Dach, fir déi Diskussioun ze féiere schonn, mä fir déi Froen an deemselwechte Gesetzestext ze regelen, dat ass net d'Plaz.

Och haut fannt Der natierlech an där Dokumentatioun, déi schonn iwwert d'Resistenz zesumme gedroe ginn ass, Elementer, déi aus den 30er Joren datéieren. Zum Beispill d'Gesellschaft für Deutsche Literatur, alles dat wat ënnert dem Stéchwuert Gedelit gelaf ass, wou den Här Kratzenberg dovu Chef war. Och alles dat gehéiert mat zur Virgeschicht vun der Geschicht, déi den 10. Mee 1940 ugefaangen huet. Mä déi Leit, déi sech zur Resistenz zielen, wëllen net als den Haaptobjet vun deene Gremien, déi de Conseil national ersetzen, Studië vun all deenen aneren annexen a connexë Froe gesinn, mä wëlle sech haaptsächlech mat der Resistenz selwer beschäftegen.

Dass dat ënnert der Tutelle oder ënnert der Autoritéit vum Statsminister steet, dat huet näischt domat ze dinn, dass dee wëllt Influenz op d'Resistenz huelen. Dat geet jo guer net. Dat ass de gefierften Zongeschlag, deen ech gemengt hunn. Ech hat et eigentlech net esou séier parteipolitesch gemengt. An dass déi Tatsaach, dass d'Resistenz selwer de Wonsch ausgedréckt huet déi Tutelle an déi Autoritéit ze kréien an net eng aner, dat hunn ech zur Kenntnis geholl, well dat enger Traditioun an enger Übung entsprécht déi zënter dem zweete Weltkrich hei am Land besteet, dass d'Resistenzler fannen, dass hire Ministère de Tutelle de Ministère d'Etat wier.

Soll ech da wierklech mat de Resistenzorganisatiounen eng Diskussioun driwwer ufänken, dass net méi de Statsminister soll zoustänneg dofir sinn, mä de Minister vun der Kultur a vun der Recherche? Dat si jo Diskussiounen, déi mat deene Leit ze féieren - éierlech gesot - kee Wäert hunn a wou ech och genéiert gewiescht wär fir se ze féieren.

Dass gesot ginn ass, dat géif eng gewëssen Nähe - wéi d'Madame Wagener sech ausgedréckt huet - zur Resistenz verroden, dat stëmmt allerdéngs.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Ier mer zur Lecture vun den Artikele kommen, stëmme mer fir d'éischt iwwert d'Amendementer 1 an 2 vun der Madame Renée Wagener of, déi sech op den Intitulé an op den Titel vum Kapitel 1 bezéien. Dir hutt jo alleguerten d'Amendementer schréftlech virleien, esou dass jiddfereen d'Saach ka verfollegen.

***Vote***

Déi fir den Amendement 1 vun der Madame Renée Wagener si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement 1 ass verworf mat 33 Nee-Stëmme géint 23 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: M. Nicolas Strotz;*

*M. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Den Titel bleift also sou erhale wéi e vun der Kommissioun virgeschloe ginn ass.

Da komme mer elo zum Amendement 2 vun der Madame Wagener, wou mer iwwert den Titel vum Kapitel 1 ofstëmmen.

***Vote***

Déi fir den Amendement 2 vun der Madame Renée Wagener si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement 2 ass verworf mat 34 Nee-Stëmme géint 23 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Mars Di Bartolomeo), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Marco Schroell), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Domadder bleift och den Titel vum Kapitel 1 an där Form erhale wéi e vun der Kommissioun proposéiert ginn ass.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Artikel 1 ass gelies.

Da stëmme mer elo of iwwert den Amendement 3.

***Vote***

Déi fir den Amendement 3 vun der Madame Renée Wagener si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement 3 ass verworf mat 34 Nee-Stëmme géint 23 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Mars Di Bartolomeo), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Jean-Marie Halsdorf), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Den Artikel 1 ass also an där Form ugeholl wéi e vun der Kommissioun virgeschloe ginn ass.

Den Artikel 2 ass gelies.

Mir stëmmen elo of iwwert den Amendement 4.

***Vote***

Déi fir den Amendement 4 vun der Madame Renée Wagener si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement 4 ass verworf mat 34 Nee-Stëmme géint 25 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Jean-Marie Halsdorf), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Domadder ass also den Text vun der Kommissioun ugeholl.

Da stëmme mer of iwwert den Amendement 5.

***Vote***

Déi fir den Amendement 5 vun der Madame Renée Wagener si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement 5 ass verworf mat 32 Nee-Stëmme géint 25 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Da komme mer zum Amendement 6 vun der Madame Wagener.

***Vote***

Déi fir den Amendement 6 vun der Madame Renée Wagener si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement 6 ass verworf mat 34 Nee-Stëmme géint 25 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Nico Loes), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Domadder gëtt also den Artikel 2 an där Form ugeholl wéi e vun der Kommissioun virgeschloe ginn ass.

Den Artikel 3 ass gelies.

Da komme mer zum Amendement 7.

***Vote***

Déi fir den Amendement 7 vun der Madame Renée Wagener si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement 7 ass verworf mat 33 Nee-Stëmme géint 26 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: M. Alexandre Krieps;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Domadder gëtt den Artikel 3 an där Form ugeholl wéi e vum Berichterstatter virgeschloe ginn ass.

Ier mer elo zur Lecture vum Artikel 4 kommen, stëmme mer fir d'éischt iwwert den Amendement 8 of.

***Vote***

Déi fir den Amendement 8 vun der Madame Renée Wagener si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement 8 ass verworf mat 34 Nee-Stëmme géint 25 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Da komme mer elo zum Artikel 4.

Den Artikel 4 ass gelies.

Mir stëmmen elo of iwwert den Amendement 9.

***Vote***

Déi fir den Amendement 9 vun der Madame Renée Wagener si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement 9 ass verworf mat 34 Nee-Stëmme géint 25 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Jean-Marie Halsdorf), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Ier mer elo zur Lecture vun deenen iwwregen Artikele kommen, stëmme mer fir d'éischt iwwert den Amendement 10 of.

***Vote***

Déi fir den Amendement 10 vun der Madame Renée Wagener si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement 10 ass verworf mat 33 Nee-Stëmme géint 25 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Jean-Marie Halsdorf), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

D'Artikele 5 bis 7 si gelies an ugeholl.

Mir maachen elo de Vote vum Projet de loi 5021.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 54 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Jean-Marie Halsdorf), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Norbert Haupert), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5037 iwwert d'Pouvoirs spéciaux vum Grand-Duc. Gläichzäiteg presentéiere mer, nom Artikel 59-3 vum Chambersreglement, d'Proposition de loi 5058 vum Här Alex Bodry iwwert deeselwechte Sujet. Et sinn ageschriwwen: d'Madame Beissel, den Här Gibéryen, d'Madame Wagener an den Här Urbany. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Agny Durdu.

## 3. 5037 - Projet de loi portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières

## 5058 - Proposition de loi portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières

***Rapport de la Commission juridique***

Mme Agny Durdu *(DP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, «Alle Jahre wieder», ënnert dësem Motto kéint een et gesinn, datt dëse Projet de loi mat schéiner Regelméissegkeet all Kéiers zum Schluss vum Joer zur Ofstëmmung kënnt.

Ech erënneren un den Objet vun dësem Projet. Mat dësem Gesetz erlaabt de Législateur der Regierung ekonomesch a finanziell Mesuren ze ergräifen an Domänen déi dem Législateur net extra duerch d'Constitutioun reservéiert gi sinn. Déi Mesuren, déi d'Regierung esou ergräife kann, ginn ënnert der Form vun engem Règlement grand-ducal d'urgence geholl a kënne souguer vu bestoende Gesetzer ofwäichen. Sou Mesurë kënnen awer nëmmen an dréngende Fäll adoptéiert ginn an nëmme mam Consentement vun der Conférence des Présidents vun der Chamber a vum Statsrot. Den demokratesche Contrôle ass deemno assuréiert.

Ech erënneren och drun, dass dëst Habilitatiounsgesetz ëmmer nëmme fir eng bestëmmten Zäit a Kraaft ass, an zwar normalerweis fir eng Dauer vun zwielef Méint. An der Regel, wann dëst Gesetz an der Plénière vun der Chamber zur Ofstëmmung kënnt, stëmmen d'Majoritéitsparteien dofir, d'Oppositiounsparteien enthale sech oder stëmmen dogéint. Déi éischt si positiv agestallt well se Vertrauen an d'Regierung hunn, déi aner sinn negativ agestallt well si der Regierung kee Vertrauen zouschwätze wëllen oder kënnen. All Regierung hei am Land ass biswell ganz spuersam mam Réckgréff op dëst Gesetz ëmgaangen.

Dëst Joer ass zum Beispill, menger Kenntnis no, keng Kéier op dësen Text zréckgegraff ginn. De Statsrot huet a sengem Avis vun dësem Joer seng klassesch Positioun ageholl. Ech erënneren awer hei dorunner, datt grad dës Institutioun ëmmer extrem sensibel reagéiert huet wa se gemengt huet, de Pouvoir exécutif oder législatif wéilten ze wäit goen.

Sou zum Beispill erkläert sech 1998 seng hefteg Reaktioun, wéi d'Regierung sech am Habilitatiounsgesetz d'Méiglechkeet wollt gi loosse fir d'Sanctions pénales kënnen ze ergräifen; d'Opposition formelle wor do.

Am Kader vun der Revisioun vun der Constitutioun an dëser Legislaturperiod gëtt och un den Artikelen 32 a 36 geschafft, op deenen d'Habilitatiounsgesetz fousst. D'Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle huet an dësem Kontext d'Propos gemaach fir d'Habilitatiounsgesetz anescht ers ze gestalten, ënner anerem op d'Annualitéit ze renoncéieren an eng Approbation ex post bannent engem gewëssenen Délai fir déi speziell Mesurë virzegesinn. Der Regierung hat dës Approche zougesot a se huet se och deementspriechend an hire Projet de loi vum leschte Joer ageschriwwen.

De Conseil d'Etat war guer net frou doriwwer an hat mat enger Opposition formelle gedréit wann deen Text bäibehale géif. Vu dass d'Commission des Institutions an dësem Joer virun un dësem Text geschafft huet an nach schafft, an datt hei nach net dat allerlescht diskutéiert an décidéiert ass, woren dëst Joer d'Regierung an d'Commission juridique der Meenung, fir bei deem klasseschen Text vum Habilitatiounsgesetz ze bleiwen.

D'Initiativ vun der LSAP, déi den Här Bodry elo wäert virstellen, huet och dofir an der Commission juridique keng Zoustëmmung fonnt. Ech géif also d'Chamber bieden de Projet de loi esou ze stëmme wéi en an der Chamberskommissioun zréckbehale ginn ass an ech hoffen, datt ech dann de leschte Rapporteur sinn, deen dësen Text an dëser Form virdréit an datt mer d'nächst Joer op eng nei juristesch Basis zréckgräife kënne fir der Regierung déi néideg Habilitatioun kënnen ze erméiglechen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Et kritt elo d'Wuert den Här Alex Bodry, als Auteur vun där Propositioun de loi.

***Présentation de la proposition de loi 5058***

M. Alex Bodry *(LSAP), auteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll da kuerz meng Proposition de loi hei virstellen, déi am Fong e Géigevirschlag ass zum Projet de loi vun der Regierung. Gläichzäiteg wëll ech natierlech awer och profitéiere fir zum Gesetzesvirschlag vun der Regierung selwer Stellung ze bezéien. Ech mengen dat géif eis Zäit spueren a wier och méi iwwersiichtlech wéi wa mer e puermol hannertenee géifen hei optrieden.

Ech hunn déi Proposition de loi hei de 26. November dëst Joer déposéiert, nodeems ech Kenntnis vun dem Regierungsvirschlag geholl hat, nodeems ech awer och d'Debatte vum leschte Joer hei nach eng Kéier nogelies hat, wou ech selwer krankheetshalber net konnt dobäi sinn. Dofir ware se mer éierlech gesot net méi esou frësch an Erënnerung. Deemools huet de Regierungschef d'Engagement geholl, fir bannent deenen nächsten Deeg an dësem Joer - dat sollt also Ufanks 2002 geschéien - en neie Projet de loi ze deponéieren deen anescht wär wéi dat wat elo d'lescht Joer zur Ofstëmmung komm ass a wat d'Regierung awer elo schlussendlech och dëst Joer erëm eng Kéier presentéiert.

Ëm wat dréit sech d'Diskussioun? D'Diskussioun dréit sech haaptsächlech ëm d'Prozedur, déi zënter laange Jore gewielt ginn ass fir dat Vollmachtegesetz hei an der Chamber anzebréngen. E Vollmachtegesetz wat d'Charakteristik huet, dass et op enger jährlecher Autorisatioun opgebaut ass déi d'Chamber der jeeweileger Regierung gëtt, déi op enger Consultatioun opgebaut ass, ier d'Regierung déi urgent Moossnam iwwer Règlement grand-ducal hëlt, an déi dorops hin eigentlech näischt Spezielles méi virgesäit.

Dat ass eng Method, eng Prozedur, déi, mengen ech, eigentlech deene wéinegsten hei am Haus, an och op der Regierungsbänk, Satisfaktioun gëtt. Dofir ass schonn zënter e puer Joer an der zoustänneger Kommissioun vun den Institutiounen an der Verfassungsreform amgaangen iwwer eng nei Formulatioun vun der Verfassung diskutéiert ze ginn, wou mer déi Vollmachteregelung géifen an d'Verfassung verankeren. Wat och eng elegant Aart a Weis ass, fir eng Rei vu Verfassungsproblemer, déi haut voll a ganz bestinn, iwwert deen dote Wee kënne propper geregelt ze kréien.

Sou eng Method huet och den Avantage, dass een also u sech net brauch op dee jährleche Rhythmus vun den Autorisatiounen duerch d'Parlament zréckzegräifen, mä datt ee sech kann eng allgemeng Autorisatioun virstellen, déi d'legislativ Gewalt, egal wéi se zesumme gesat ass, géif dann der Exécutive ginn, egal wéi déi Exécutive politesch zesumme gesat ass.

Dat ass eng Wonschvirstellung, déi mer gemeinsam haten. Elo doktere mer scho méi wéi zwee Joer dorunner, a mer sinn eigentlech nach kee Millimeter wieder komm. Et sinn zwar eng Rei vun Texter an der Diskussioun déi et och schonn an der legislativer Prozedur ginn. De Conseil d'Etat huet sech schonn zu deem engen oder anere Virschlag geäussert, mä deen ass awer net grad mat offenen Äerm empfaang ginn. Mir sinn eigentlech net weider komm.

Esou dass mer haut erëm eng Kéier an där Situatioun si vun enger relativ steriler Diskussioun vun där enger Säit, der Majoritéit - déi, wéi den Här Rippinger et eng Kéier gesot huet, hirer Regierung e Cadeau mécht am Enn vum Joer; et ass e bëssen eng enk Aart a Weis fir d'Saach ze beschreiwen - an der Oppositioun déi seet, mir hu kee Vertrauen an dës prezis Regierung, dofir kënne mir hinnen och keng Vollmachte ginn.

Voilà, dat ass den Scénario, dee mir elo praktesch zënter där Zäit kennen, wou et déi Vollmachtegesetzer méi systematesch gëtt, a mer wäerten also och dëst Joer net laanscht deen doten Scénario kommen, opgrond vum Regierungsvirschlag wéi en an der Chamber hei am Oktober dëst Joer abruecht ginn ass.

Dofir hunn ech eigentlech déi Proposition de loi gemaach, déi sech un deenen Aarbechten inspiréiert, déi schonn an der Chamber gelaf sinn, an déi sech an dräi wesentleche Punkte vum Regierungstext differenzéiert.

Déi éischt Differenz ass déi, dass mir hei an der Proposition de loi net méi vun enger jährlecher Autorisatioun schwätzen, déi also zäitlech begrenzt ass, mä vun enger Autorisatioun déi en allgemeng gültege Charakter huet, also praktesch à durée indéterminée ka fonctionnéieren, bis en anert Gesetz vläicht déi Autorisatioun zréckrifft.

Déi zweet Differenz ass déi, dass mir ewech komme vun deem aktuelle System vun enger Aart Consultatioun oder Prozedur, déi der Décisioun vun der Regierung virgeschalt ass, wou de Conseil d'Etat obligatoresch säin Avis muss ginn a wou och déi berühmtberüchtegt Conférence des Présidents muss hiren Assentiment ginn.

Ech verstoppen net meng Appréhensiounen déi ech hu par rapport zu deem Pouvoir, deen déi Conférence des Présidents do huet, déi iwwer Joren a ville Gesetzestexter mat agebaut ginn ass als eng Aart kleng Chamber, déi se eigentlech awer net ass. Si huet eigentlech keen Assentiment ze gi fir een normativen Text. Dee kann nëmmen d'Chamber als Ganzt ginn.

***(Interruption)***

Duerfir mengen ech, dass ee sollt probéieren dovunner ewech ze kommen. De Conseil d'Etat ass jo och an deene leschte Jore vill méi kritesch ginn zu deem dote Punkt.

Selbstverständlech schléisst näischt aus, dass, wéi dat och üblech ass, de Conseil d'Etat gefrot gëtt am Virfeld an deen da bannent engem gewëssenen Délai natierlech, wann eng Urgence ass, muss säin Avis ofginn. Mä duerno sollte mir an eng Autorisation ex post duerch d'Chamber kommen, duerch d'Parlament an enger öffentlecher Sitzung, wou all déi Froe kënnen diskutéiert ginn.

D'Iddi, déi hei am Fong a menger Proposition de loi zréckbehale ginn ass, ass déi fir elo virzegesinn, dass d'Chamber also muss direkt, wann d'Regierung dat Reglement geholl huet, befaasst gi mat deem Text an dass d'Chamber muss bannent dräi Méint deen Text guttheeschen. Wann d'Chamber dat net gemaach huet, da verfält den Text an dann huet e fir d'Zukunft keng Gültegkeet méi iwwert deen Délai vun deenen dräi Méint eraus. Dat ass grosso modo dat wat och an eiser Kommissioun diskutéiert ginn ass.

Do war en Délai vu 40 Deeg am leschten Text zréckbehale ginn. Dee schéngt mir, ganz éierlech, e bëssen enk ze sinn, wann ee weess wéi u sech awer déi legislativ Prozeduren hei zu Lëtzebuerg lafen. Op jidde Fall, mengen ech, ass dat eigentlech eng Iddi, wou am Fong keng gréisser Problemer däerfte si fir hei eng Majoritéit ze fannen.

Ech sinn duerfir e bëssen enttäuscht doriwwer, dass deen heiten Text, deen ech och a Form vun engem Amendement parallell an der Kommissioun presentéiert hunn, net den Accord vun der Majoritéit vun der Kommissioun fonnt huet. Dat ënnert der Argumentatioun, dass dat géif déi ganz Affär ze vill an d'Längt zéien an duerfir kéint een dat net méi maachen. Wéi gesot, dat ass bedauerlech. Ech sinn der Meenung, dass deen heiten Text besser ass, ouni dass en elo ganz perfekt wier, besonnesch wat säin Artikel 2 ugeet, wou et mir eigentlech drëm gaangen ass fir déi bestehend Reglementer ze retten, déi ënnert deene jeeweilege Lois d'autorisation geholl gi sinn, déi elo net méi mussen dem Parlament onbedéngt nach eng Kéier virgeluegt gi fir déi awer kënnen nach um Liewen ze halen, wann dat dann iwwerhaapt néideg ass.

Wéi gesot, vun deem ofgesi mengen ech, dass awer u sech inhaltlech dat dote misst eng Richtung si wou een och hei kënnt eng Majoritéit an der Chamber duerfir fannen. Dat ass leider net méiglech gewiescht, sou dass mir elo mam Regierungstext konfrontéiert sinn deen hannert de Regierungstext geet vum leschte Joer. D'lescht Joer hat d'Regierung jo Courage gewisen a si hat zumindest déi Autorisation ex post duerch d'Chamber mat agebaut. Dës Kéier ass si eigentlech op hiren eegenen Text zréckkomm, entgéint deem wat de Premierminister leschten Dezember hei an der Chamber versprach hat, a si ass am Fong op hir Positioun vun 2000 a vun deene Jore virdrun zréckgefall. Dat ass bedauerlech.

Duerfir fanne mir eis natierlech och bei der Argumentatioun an deem klassesche Schema erëm, wou mir als LSAP hei méi prezis eng ganz Rëtsch vu formalen Argumenter hu fir ze soen: Dat heiten ass kee gudden Text. Et ass en Text, deen eigentlech och der Regierung net onbedéngt an enger Zäit vun enger wierklecher Kris all Mëttele gëtt fir kënne schnell ze handelen. Firwat? Well u sech et kloer ass, dass iwwert deen heite Wee keng penal Strofe kënne festgeluegt ginn. Dat ass awer immens wichteg wann een normativ virgeet, dass een déi Transgressioun vun der Norm sanktionéiere loosse kann iwwer e gëeegnete Wee. Dat ass net méiglech, well eben an der Verfassung net zu Onrecht steet, dass eigentlech all Strof muss per Gesetz festgeluegt ginn. Et ass also wichteg, dass mir schnell virukomme mat der Verfassungsreform, fir dass mir och do kënnen eng Léisung praktesch proposéieren.

Doniewent bleift awer - an dat ass fir mech den Haaptpunkt, deen eigentlech opgelooss ginn ass a wou de Conseil d'Etat sech ausschweigt doriwwer, an ech mengen ech weess, firwat dass en dat mécht - d'Fro, ob et eigentlech an deem Domän, wou bis elo déi meeschte Reglementer geholl gi sinn opgrond vun deem Vollmachtegesetz, an zwar am Domän vun der Wirtschaft an de Finanzen - ech denken do zum Beispill un d'Blockéiere vu Bankkonten -, der Regierung méiglech ass, ob et legal ass, ob et konform zur Verfassung ass iwwert dat heiten Instrument iwwerhaapt esou Moossname kënnen ze huelen, well eben d'Verfassung festleet, dass alles wat d'Liberté du commerce et de l'industrie ugeet, an notamment hir Aschränkungen, muss per Gesetz festgeluegt ginn.

Or, no eiser gängeger Optik bleift dat Reglement, wat d'Regierung opgrond vun enger Autorisatioun vum Parlament hëlt, e Reglement a gëtt net e Gesetz. Et bleift also vun der Natur hir e Reglement an doduerch kann een, mengen ech, mat enger gewëssener Logik hei behaapten, dass et eigentlech opgrond vun de Verfassungsdispositiounen net méiglech ass an deenen Domänen do iwwert deen dote Wee täteg ze ginn.

Or, dat ass awer deen Domän wou et an der Vergaangenheet a bis elo am meeschten eigentlech gespillt huet. Et ass awer esou, esou wäit ech weess, dass déi Mesuren do ni contestéiert gi si viru Geriicht, och hir Verfassungsméissegkeet am Fong ni geriichtlech belaangt ginn ass, sou dass déi dote Fro fir de Moment opbleift. Fir mech ass et awer relativ kloer a wat fir eng Richtung een och do misst goen. Och hei ass et also wichteg, dass ee sech dat néidegt Instrumentarium gëtt fir wierklech kënnen anzegräifen.

Et schéngt mir op där anerer Säit wichteg ze sinn, dass een déi Aschränkung vläicht mécht, déi och d'Regierung bereet war an engem leschten Text am Kader vun der Verfassungsännerung ze maachen, dat heescht, dass een net nëmme seet dass d'Regierung kann handelen en cas d'urgence, mä dass een och seet en cas de crise internationale. Et ass en fait jo och do wou bis elo an der Vergaangenheet ëmmer déi Plein-pouvoirs-Regelung gespillt huet, wou d'Regierung eigentlech Gebrauch gemaach huet vun där Méiglechkeet. Ech mengen et wär och richteg dass een dat dann, wann een dat méi allgemeng wëllt festschreiwen op onbestëmmten Zäit, versicht esou enk wéi méiglech trotzdeem anzegrenzen, ouni natierlech d'Utilitéit vun deem Ganzen a Fro ze stellen.

Mir hunn also eng ganz Rei vu formalen Iwwerleeungen déi dozou féieren, dass mir deen heiten Text net stëmmen. Dobäi kënnt déi klassesch Fro. Et ass an deem heitege System och eng Fro vu Verantwortung par rapport zum Vertrauen dat een an déi Regierung huet déi elo do ass, well mir net iergendenger Regierung déi Vollmacht ginn, mä mir als Parlament ginn där Regierung, déi elo en place ass, déi dote Vollmacht fir während engem Joer kënnen ënner gewëssene Konditiounen Dispositiounen ze huelen.

Dat ass eng klassesch Argumentatioun, déi ëmmer virgeholl ginn ass an déi jee no der Fuerf, jee no der Kompositioun vun der Regierung a vum Parlament geännert huet, mä wou een net derlaanscht kënnt unzëerkennen, dass do awer och eng Grëtz Wourecht stécht.

Ech wëll hei net - well dat géif sécherlech meng Riedezäit platzen doen - de Sënneregester vun dëser Regierung hei opzielen.

***(Brouhaha général)***

Mir haten d'Geleeënheet fir dat an de Budgetsdebatten zum Deel ze maachen. Ech wëll net dorobber zréckkommen. Et wär och, mengen ech, elo virun deene Chrëschtfeierdeeg net richteg fir dat ze maachen. Ech ginn also net esou wäit wéi den Här Rippinger emol eng Kéier gaangen ass an der gudder aller Zäit, wéi en d'Demissioun vun der Regierung bei Geleeënheet vun dësen Debatte gefrot hat. Ech wëll dat hei also ausdrécklech net maachen, mä et ass e Fait dass mir als LSAP net genügend Vertrauen an dës Regierung hunn. Och déi Evénementer vun deene leschte Méint, déi lues a widderwëlleg Reaktioun déi d'Regierung hat par rapport zu deenen ëmmer méi schlechte Wirtschaftsdate beweist eis, dass net onbedéngt do jiddfereen op der Héicht ëmmer ass.

Dat huet eis duerfir eigentlech nach bestäerkt an deem Manktum u Vertrauen wat mir an d'Regierung hunn, sou dass et also hei, Här Weiler, gutt Grënn ginn, formaler wéi och politescher, fir dass mir Neen zu dem heiten Text soen, an der Hoffnung allerdéngs, dass mir dat wouer maache wat mir d'lescht Joer net fäerdeg bruecht hunn an dass mir d'nächst Joer zu deem dote Punkt eng aner Debatt kréien, well en aneren, e besseren Text da virläit.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Laurent Mosar.

***Discussion générale***

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, entgéint der Gewunnecht vu vergaangene Joren hunn ech haut net Wëlles nach eng Kéier op de Sënn an den Zweck vum Habilitatiounsgesetz anzegoen. Dee misst, nodeems mir den Exercice vu sengem Vote jo all Joer a gehuewener Chrëschtstëmmung maachen, entre-temps alle Kolleeginnen a Kolleege méi wéi ausreechend bekannt sinn.

Ech wéilt vill méi op déi besonnesch Ëmstänn vum Vote vun dësem Joer agoen, déi am Fong jo eng Weiderféierung vun de besonneschen Ëmstänn vum leschte Joer sinn. Konkret geet et ëm de Punkt vun enger eventueller gesetzlecher Bestätegung vun deene Reglementer, déi d'Regierung opgrond vun der Habilitatioun oder de Pouvoirs spéciaux, wéi se och nach gemengerhand genannt ginn, kann huelen.

Ech wëllt awer ufänke mat engem Merci un d'Madame Rapportrice, d'Agny Durdu, souwuel fir hire schrëftleche wéi mëndleche Rapport, an ech géif mech dann och hirem Wonsch uschléissen, datt d'Chamber dëst Joer sech fir d'lescht mat deem Gesetz an där Form misst beschäftegen.

Här President, d'Regierung hat d'lescht Joer proposéiert, datt esou Reglementer sollte bannent engem bestëmmtenen Délai duerch ee Gesetz bestätegt ginn. An der Belsch gëtt et déi Praxis vun der sougenanntener Validation législative an dat ass e ganz gängege Virgang, och do eng Praxis, déi mir awer an där Form hei net kennen.

Deemools huet de Statsrot - an den Alex Bodry huet et virdru gesot - eng formell Oppositioun géint déi Propos gemaach mat deem net onbedéngt iwwerzeegenden Argument, domat géif enger Verfassungsrevisioun virgegraff an dat wier um Wee vun engem normale Gesetz net ze toleréieren. Dës Argumentatioun vum Statsrot hat deemools scho kengerlee valabel juristesch Grondlag, schliesslech ka kee Mënsch dem Parlament verbidden eng gesetzlech Bestätegung vun engem Reglement a bestëmmtene Fäll duerch Gesetz virzegesinn. Dat huet dann och mat preventiver Verfassungsännerung iwwerhaapt näischt ze dinn.

Mä dem Statsrot seng Argumentatioun vun deemools muss haut trotzdeem am Kontext vun der lafender Ännerungsprozedur vum Artikel 36 gesi ginn. Et ass nämlech esou, datt dësen Artikel an deem Sënn soll geännert ginn, datt hie selwer als Verfassungsregel d'Habilitatiounsgesetz virgesäit an dem Législateur och virschreift, bannent enger bestëmmtener Frist Reglementer, déi ënnert der Habilitatioun geholl goufen, ze ratifizéieren.

De Prinzip vun esou enger legislativer Validatioun vun engem Règlement de pouvoirs spéciaux wäert wuel während dem nächste Joer an d'Verfassung ageschriwwe ginn. Bis dat awer esou ass, brauche mer eng Habilitatioun vun der Exécutive, fir a Fäll vun internationaler Kris séier am wirtschaftlechen a finanzielle Beräich kënnen ze handelen. An déi Habilitatioun gi mer och dëst Joer iwwert dat klassescht Gesetz, dat nach keng Validation législative beinhalt, en attendant datt eng Verfassungsnorm a Kraaft trëtt, déi dës Validatioun selwer virgesäit a se domat och an d'Exécutioun vum Habilitatiounsgesetz verankert.

Well den Artikel 36 also an der Maach ass a well de Statsrot déi virdrun zitéiert Géigenargumentatioun d'lescht Joer gefouert huet a mat Opposition formelle deemools scho gedreet huet, mécht et dann och kee Sënn wat de Kolleeg Alex Bodry a senger Proposition de loi an duerno och a sengen Amendementsvirschléi proposéiert huet. Domat géife mer nämlech héchstens erëm Gefor lafen, während der Frist vun dräi Méint virun engem zweete Chambersvote keen Habilitatiounsgesetz ze hunn, wat am Sënn vun der Continuitéit, vun der Handlungsfäegkeet vum Stat net zoumuttbar ass.

Mir sollen elo dat üblecht Habilitatiounsgesetz stëmmen, ouni déi legislativ Bestätegung vun deene Reglementer, déi op där Basis geholl ginn, anzebauen an dann derfir suergen, datt mer d'Aarbechten um Artikel 36 vun der Verfassung ofgeschloss kréien an domat de Prinzip vun der Validation législative vun esou Reglementer an der Verfassung festgeschriwwe gëtt. Domat huet nämlech da kee méi e Problem, och de Statsrot net.

Mä, wéi gesot, einstweile brauche mer en Habilitatiounsgesetz fir der Regierung hir Handlungsfäegkeet an Noutsituatiounen ze erhalen. Mir brauche genee dat Habilitatiounsgesetz wat als Regierungsprojet hei virläit, an duerfir wäert meng Fraktioun och genee dee Projet de loi selbstverständlech stëmmen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Simone Beissel.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Här President, fir d'éischt och mäi Merci un d'Madame Agny Durdu, meng Kolleegin, fir en excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech wëll awer och dem Alex Bodry merci soe fir seng dräijähreg Efforte fir an där Problematik hei virunzekommen.

Ech hat lech hei virun dräi Joer e ganz detailléierte Rapport iwwert d'spezial Vollmachte vum Grand-Duc gemaach an dofir ginn ech net an d'Detailen. Firwat ginn ech net an d'Detailen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass nach ëmmer, säit ech an där Chamber hei sinn, keen neie Moment. Et ass keen neie Moment, d'Artikelen 32 an 36 sinn nach ëmmer net reviséiert. Mat all senger Méi, déi och ganz lobsam ass, ass dem Här Bodry seng Proposition de loi prématuréiert. Hie streit nach ëmmer mat eis fir ze wëssen ob et de Stat oder d'Regierung ass, déi hei federführend ass.

Mä ech mengen, den aktuelle System, quitte dass ëmmer Diskussioune sinn, huet seng Preuvë bruecht an internationale Krisesituatiounen, wou de Lëtzebuerger Stat - all Stat muss seng Obligatiounen erfëllen - dat Instrument huet; quitte dass mer elo dru schaffe fir et ze änneren, en huet seng Preuvë bruecht. Dofir wäert d'DP-Fraktioun net d'Proposition Bodry droen an ech bréngen heimat awer de vollen Accord vun eiser Fraktioun fir de Projet de loi.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, mir hu mat ganz vill Intérêt déi Proposition de loi vum Här Bodry zur Kenntnis geholl. Ech mengen, et geet an déi richteg Richtung. Op där anerer Säit, wat de Projet de loi selwer ugeet, dee mer haut solle stëmmen - ech wëll drun erënneren, datt mer bei där leschter Versioun vun deem Gesetz dofir gestëmmt haten -, hu mir awer elo gesinn, datt dat Vertrauen, wat mer an d'Regierung haten, schlecht placéiert war. D'Resultater vun der Regierung weisen dat net aus an dofir wäerte mer dës Kéier géint dat Gesetz stëmmen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Ech hunn elo mat ganz vill Intérêt dem Här Mosar nogelauschtert, deem senge Gedankegäng ech a groussen Zich ka folgen, just net der Konsequenz dovun.

Ech denken nämlech, wann een dat zu Enn denkt, dass een dann

duerchaus hätt kéinten op de Wee goe fir ee Projet de loi ze stëmmen. Et hätt een et just missten éischter maachen. Hien hat jo och an anere Beräicher schonn de Courage fir et mam Conseil d'Etat opzehuelen an iwwer eng Opposition formelle ewech ze goen. Mir hätte just missen entweder eng Proposition de loi oder e Projet de loi scho méi fréi déposéieren, da wäre mer hei aus dem Dilemma eraus gewiescht.

An deem Sënn denken ech, datt ech dann och dee virleiende Projet de loi, esou wéi déi Jore virdrun, net ka stëmmen an ech wäert menger Fraktioun och recommandéieren datselwecht ze maachen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Serge Urbany.

***(Interruptions)***

Ech ginn dann elo d'Wuert zréck un den Här Statsminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här President, merci. Ech géif fir d'éischt gären dem Rapporteur, der Madame Agny Durdu, merci soe fir d'Presentatioun vun deem Gesetzesprojet, an deenen anere Kolleege fir hir Wuertmeldungen an deem Zesummenhang, woubäi ech déi vum Här Bodry als eng besonnesch étofféiert emfonnt hunn, well e Soin geholl huet drun ze erënneren, dass emol eng Regierung, an där mer allen zwee waren, proposéiert hat iwwert de Wee vun engem Gesetz iwwert d'Pouvoirs spéciaux och der Regierung d'Méiglechkeet ze ginn, penal Sanktiounen iwwert dëse Wee ze huelen an ënner Hiweis op net Verfassungsconformitéite vun deem Vorhabe vum Conseil d'Etat hir Intentioun mat enger Opposition formelle beluegt gesinn hunn.

En huet grad esou richteg drop opmierksam gemaach, dass mer am Gesetzesprojet zu dem Vollmachtegesetz, dee mer d'lescht Joer am Dezember 2001 hei gestëmmt hunn, d'Situatioun haten, dass de Conseil d'Etat och do eng Opposition formelle gemaach huet, nodeem d'Regierung d'Amendementen, déi den Här Bodry am Dezember 2000 zu deem Gesetz iwwert d'Pouvoirs spéciaux virgeluegt hat, iwwerholl hat. Esou dass et net ëmmer duergeet, déi gutt Iddien - well dat war eng gutt Iddi - vun der Oppositioun ze iwwerhuele fir se och wierklech kënnen ze realiséieren.

Richteg ass et och, dass ech d'lescht Joer bei der Geleeënheet vun dëser Debatt gesot hunn, meng Absicht wier et esou séier wéi méiglech deen Text an onnveränderter Form erëm anzebréngen, fir dass d'Chamber hire Wee kënnt op d'Enn goen a sech iwwert déi Opposition formelle vum Statsrot kënnen ewech ze setzen. Wat de Conseil d'Etat iwwregens als eng Provokatioun vum Regierungschef interpretéiert huet, dee gemengt hat d'Parlament wier Meeschter iwwert esou Prozeduren.

Et huet sech du gemaach, dass an der Navette tëscht der Kommissioun, déi zoustänneg ass heibanne fir d'Verfassungsrevisiounen, déi op eng excellent Manéier vum Här Meyers presidéiert gëtt, an dem Conseil d'Etat erginn huet. De Conseil d'Etat huet am Februar 2002 nach eng Kéier grëndlechst zu all deenen Dispositiounen, déi d'Commission de la Révision constitutionnelle hirersäits no Wuertmeldung vun der Regierung fir den Artikel 36 virgesinn hat, an doropshin ass et erëm eng nei Wuertmeldung vun der Kommissioun vum Parlament am Juni 2002 ginn, déi hirersäits an där Wuertmeldung erëm geäntwert huet op dat wat de Conseil d'Etat am Februar 2002 gesot hat.

Et huet mer opgrond vun där Navette vun där Kontroverse, déi iwwert de Fong vun der Saach dréit, geschéngt, dass een et dann awer vläicht mat der Virsiicht a mat der Weisheet dëst Joer soll halen an deen Text dann eng leschte Kéier an där klassescher Form hei sollt abréngen, nodeem ech d'lescht Joer meng Bereetschaft gesot hat, nodeem d'Regierung dat jo selwer esou proposéiert hat, wéi den Här Bodry dat dat Joer virdrun virgeschloen hat, dee Wee, dee mer du wollte goen als deen eigentlech richtegen ze gesinn.

Mä well eng Kontroverse am Fong besteet, wou de Conseil d'Etat och eng Rei vu Froen opwerft wat d'Hiérarchie vun den Normen ubelaangt a wat d'Successioun vun de sech wandelnden Hiérarchien an der Zäit ubelaangt, huet et mer geschéngt, déi Kontroverse da wierklech bei Geleeënheet vun der Revisioun vum Artikel 36 ze klären, an net ze kläre bei Geleeënheet vum Vote iwwert dëst Gesetz.

Dat ass d'Explicatioun. Déi Navette an déi Prise de position, déi sech do ofgewiesselt hunn, firwat dass mer finalement, och no Gespréicher mam Conseil d'Etat, drop verzicht haten, och en vue vun enger inter-institutionneller Réunioun déi soll stattfannen, déi Fro net elo ze tranchéieren, mä da wierklech eréischt wa se sech am Kader vum Artikel 36 an deem senger Révisioun stellt, ofschléissend ze abordéieren.

Ech gi jo nu wierklech dovun aus, dass dat am Laf vum Joer 2003 geschitt, nodeem schon net total ausgeschloss war, dass et eigentlech schon hätt kéinten am Laf vum Joer 2002 geschéien.

Et geet eis mat eise gemeinsame Vorhabe wéi de Wirtschaftsinstituter mat hire Prognosen. D'Reprise verschiebt sech vu Joer zu Joer a se kënnt net richteg.

***(Interruptions)***

Ech wëllt dem Här Bodry eng Berouegung vläicht soen, wat den Ëmgang vun der Regierung als Institutioun mat deene Pouvoirs spéciaux ugeet, besonnesch wann et drëm geet Sanctioune géint aner Länner ze huelen oder am Kader vu Sanctiounsdécisioune géint aner Länner bestëmmten Operatioune wirtschaftlechen Zouschnëtts zu Lëtzebuerg ze verbidden. Dat geschitt am Regelfall net opgrond vun unilateralen Démarchë vun der Lëtzebuerger Regierung. Mir ass keng esou direkt an Erënnerung bliwwen, mä dat geschitt ëmmer opgrond vun engem Règlement communautaire, wou also déi 15 State vun der Unioun ee Reglement huelen, beispillsweis fir d'Avoire vu bestëmmte Persounen oder vu bestëmmte Staten anzefréieren. A vu dass d'juristescht Instrument ee Règlement communautaire ass an - esou gelunge wéi dat och kléngt – de Règlement communautaire an der Hiérarchie vun den Normen de lëtzebuergeschen Texter, y compris dem fundamentalen Text vun der Constitutioun, iwwergeuerdnet ass laut internationaler Rechtsopfaassung, huet dat eigentlech ni ee Verfassungsproblem opgehäit. A wier en opgeworf ginn, hätt dee virun engem Verfassungsgeriicht eigentlech net anescht kënnen evakuéiert gi wéi ënner Referenz op d'Hiérarchie vun den Normen, déi sech duerch d'Superpositioun vu communautairen Texter par rapport zum Nationalen distinguéiert.

Nun huet d'Regierung - all an deenen ech war - ni Mëssbrauch mat deem Instrument gefleegt, och net an deene 15 Joer wou mer eng Regierung haten, déi sech aus CSV an LSAP zesummegesat huet. Wann esouguer déi a 15 Joer net zu Mëssbrauch fäeg war, géif ech eigentlech gäre wëssen, firwat dass d'sozialistesch Kolleege mengen, dass eng vun hinnen zur permanenter Iwwergangsregierung - attention, ce n'est que le provisoire qui dure! - erklärt gëtt, firwat dass dann ausgerechnet eng Iwwergangsregierung soll mëssbräichlechen Ëmgank hei mat deenen Texter fleegen. Dofir mengen ech, dass déi Bedenken, déi hei geäussert ginn, net richteg sinn.

Den Här Bodry huet aus kollegiale Grënn drop verzicht fir de Sënderegister vun der Regierung virzedroen. Säin eegene Plädoyer bei de Budgetsdebatten huet e manifestement net esou iwwerzeegt dass e Wäert drop geluegt hätt en nach eng Kéier ze widderhuelen. Dofir géif ech d'Majoritéit bieden, dee Projet de loi hei ze stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5037 a mir stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen dann elo of iwwert d'Gesetz iwwert d'Sondervollmachten.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 34 Jo- géint 26 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

## 4. Discours de fin d'année

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn elo um Enn vun der leschter Sitzung vum Joer 2002 ukomm, an obwuel eis nei Sessioun nach keng dräi Méint hannert sech huet, ass eist Land, besonnesch op internationalem Plang, an zwar souwuel d'Regierung wéi och d'Chamber, mat neien Erausfuerderunge konfrontéiert.

Den Terrorismus, deen elo weltwäit an ouni Hemmungen operéiert, huet Dimensiounen ugeholl, déi eng kloer Äntwert vun alle fräiheetlech denkende Länner fuerdert.

D'Gespenst vum Krich geet erëm a groussen Deeler vun der Welt ëm an, wéi mer all wëssen, bleift des Atmosphär vun Onsécherheet net ouni Folgen op politeschem, militäreschem a wirschaftlechem Plang.

D'Weltwirtschaft stécht an enger Kris. An den Industrienatiounen dréien d'Rieder vun der Produktioun a vun de Finanzmäert méi lues, net ze schwätze vun deene Länner, déi eréischt um Wee dohinner sinn, wou mir schonn zënter laanger Zäit sinn.

Och Lëtzebuerg, dat zënter jeehier enk mat de Geschécker vun eisen Nopeschlänner verbonnen ass, gouf mat der Gewëssheet konfrontéiert, datt d'Beem net an den Himmel wuessen. Ouni sech zu panikaartegen an oniwwerluechten Handlungen hiräissen ze loossen, sinn déi politesch Verantwortlech sech doriwwer bewosst, datt se d'Evolutioun net däerfen aus den Ae verléieren. Et geet drëm, zum richtegen Zäitpunkt déi Décisiounen ze huelen, déi et erlaben, och deenen nächste Generatiounen eng liewenswäert Zukunft ze erméiglechen.

Op där anerer Säit gouf eis op internationalem Plang eng eemoleg Chance gebueden, wou um Sommet zu Kopenhagen d'Modalitéite festgehale goufen, ënnert deenen zéng nei Länner deemnächst der Europäescher Unioun bäitriede wäerten. Mat där Décisioun goufen d'Dieren opgemaach, déi virun net allze laanger Zäit nach fest zou waren, an d'Stëmm vun Europa wäert doduerch op der Weltbühn ëmsou méi Gewiicht kréien.

All dëst soll eis natierlech net dovun ofhalen, eis och e puer Gedanken iwwer eis eegen Institutioun ze maachen.

Den Aarbechtsvolumen vun der Chamber huet staark zougeholl a si huet keng Méi gescheit, deen Optrag, dee se vum Vollek kritt huet, beschtens auszeféieren. De Résumé vun den Aarbechte vun der leschter Sessioun wäert dann och deemnächst a Form vun engem Rapport d'activité erauskommen.

D'Chamber TV huet dëst Joer hiren éischten Anniversaire gefeiert an de Compte rendu huet zënter Oktober seng bishereg Form opginn, fir elo als Bäilag an den Dageszeitungen an enger vill kiirzerer Zäitspann ze erschéngen.

Ech wëll och vun hei aus der geschriwwener Press villmools merci soen, well si nach wie vor ee wichtege Partner a Saachen Informatiounspolitik bleift.

Ofschléissend wëll ech Iech an der Erwaardung vun de Chrëschtdeeg wënschen, datt Dir op deene Feierdeeg zesumme mat Äre Familljen an deenen, déi Iech no stinn, eng Zäit vu Rou a Besënnung erliewe wäert an datt dat neit Joer Iech dat bréngt, wat Dir Iech wënscht.

Ech wëll dat awer net maachen ouni virdrun all deene merci gesot ze hunn, déi der Chamber gehollef hunn hir Aufgab ze erfëllen.

Zum Ofschloss Iech alleguerten schéi Chrëschtdeeg a vill Gléck am neie Joer!

Plusieurs voix.- Merci, gläichfalls.

M. le Président.- Den Här Bausch huet nach d'Wuert gefrot.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech krut gesot - ech soll, wéi dat all Joers Traditioun ass -, et wär dëst Joer u mengem Tour fir am Numm vun alle Fraktioune verschidde Wënsch ze iwwerbréngen.

Ech muss Iech soen, wéi ech dat gesot krut, datt et dëst Joer u mengem Tour wär, du war ech erliichtert, well et ass mer spontan an de Kapp komm, datt ech et léiwer géing dëst Joer maache wéi d'nächst Joer, well et huet ee ganz praktesche Grond. Dir wësst, wann een e gutt neit Joer wënscht, da wënscht een net nëmmen eng gutt Gesondheet, mä et wënscht een och vill Erfolleg an deem nächste Joer.

Dir verstitt natierlech, datt ech esou éierlech awer sinn, datt ech d'nächst Joer Schwieregkeeten hätt fir allen heibannen Erfolleg ze wënschen am ganze Joer, vu que datt een Evénement ass am Joer 2004…

***(Brouhaha général)***

…wou ech awer éischter mer wënschen, datt net jiddfereen Erfolleg soll hunn.

***(Brouhaha général et hilarité)***

Ech sinn dofir, wéi gesot, erliichtert, Här President, datt ech déi Aufgab dëst Joer ze maachen hunn.

Ech wëll mech duerfir eigentlech Äre Wierder uschléissen, no där viller geleeschtener Aarbecht, um Schluss virun allem vun dësem Joer, éischtens emol dem Personal vun der Chamber, Iech selwer, alle Kolleeginnen a Kolleegen heibannen, awer och eiser grossherzoglecher Regierung an hirer Gesamtheet an doriwwer eraus alle Biergerinnen a Bierger an dësem Land schéi Feierdeeg, e gudde Rutsch an d'neit Joer a vill Erfolleg am Joer 2003 wënschen.

M. le Président.- Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert gefrot.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här President, ech géif gären am Numm vun der Regierung Iech selwer, als President vun eisem Parlament, esou wéi alle Kolleegen, déi heibanne sinn, merci soe fir eng nëmmen duerch wéineg désagréabel Evénementer gestéiert gutt gemeinsam Begleedung a Stëtzung ee vun deem aneren am Joer 2002. Ech wëll an dee Merci alleguer déi aschléissen, déi der Chamber et erlaben, vum Greffier ugefaang iwwert alleguer déi aner Mataarbechter, kënnen esou ze funktionéiere wéi se funktionéiert.

Ech wäert och net verfeelen d'nächst Joer am Dezember jiddferengem heibannen deen Erfolleg ze wënschen, deen en déi lescht Joren hat.

Merci.

***(Brouhaha général et hilarité)***

M. le Président.- Kolleeginnen a Kolleegen, domadder hätte mer den Ordre du jour vun eiser Sitzung haut ofgeschloss an d'Sitzung wier domadder opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.13 heures)***

**Chamber TV weist all öffentlech Sëtzung live an integral**

Zu Nidder- an Uewerfeelen
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Gréiwemaacher
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hiefenech
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hesper
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Kielen (& Bramesch-haff), Keespelt, Meespelt, Ollem an Nouspelt
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Mamer
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Manternach
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Medernach
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

## Ordre du jour

1. Allocution de M. le Président de la Chambre des Députés
2. Communications
3. Ordre du jour
4. Heure de questions au Gouvernement:
   - Question N° 261 du 28 janvier 2003 de Monsieur le Député Ady Jung relative à l'application directe du taux super-réduit de 3% de TVA pour les promoteurs
   - Question N° 262 du 28 janvier 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo relative à l'introduction du service partiel (25,50 et 75%) dans la fonction publique
   - Question N° 263 du 28 janvier 2003 de Monsieur le Député Gusty Graas relative à la législation concernant les établissements classés
   - Question N° 264 du 27 janvier 2003 de Monsieur le Député Jean Huss relative aux problèmes d'approvisionnement de la population en eau potable lors de la contamination accidentelle des sources d'eau
   - Question N° 265 du 28 janvier 2003 de Monsieur le Député Lucien Weiler relative au traitement des gaz de la décharge SIDEC
   - Question N° 266 du 28 janvier 2003 de Monsieur le Député Alex Bodry relative aux libertés syndicales
   - Question N° 267 du 28 janvier 2003 de Madame la Députée Renée Wagener relative à l'inscription des personnes non-luxembourgeoises sur les listes électorales
5. Dépôt d'une proposition de loi
6. Dépôt de deux motions par Mme Renée Wagener
7. Interpellation de M. Georges Wohlfart au sujet de la politique du Gouvernement concernant le développement de la région Nord du Grand-Duché

   *(Discussion générale - Motions - Votes)*
8. 4961 - Projet de loi portant approbation de l'amendement à la Convention d'Espoo sur l'évaluation de l'impact sur l'environnement dans un contexte transfrontière, adopté à la deuxième réunion des Parties à la Convention à Sofia, le 27 février 2001

   *(Rapport de la Commission de l'Environnement - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat; Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur et M. Henri Grethen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.00 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

### 1. Allocution de M. le Président de la Chambre des Députés

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech begréissen lech an eiser éischter Sitzung vum Joer 2003 an hoffen, datt Dir an Ären Erwaardungen un dat neit Joer bis elo nach net enttäuscht gi sidd.

Um parlamentaresche Plang huet sech den Iwwergang an dat neit Joer direkt vollzunn. D'Chamber huet keng Zäit verluer, fir hir Aarbechten opzehuelen. Scho kuerz no de Feierdeeg haten d'Kommissiounen dee Rhythmus erreecht, deen hinnen et erlaabt, deem beträchtlechen Aarbechtspensum, deen an dëser Sessioun virun eis läit, gerecht ze ginn.

Ech wëll awer net zur Dagesuerdnung iwwergoen, ouni virdru mat engem Wonsch un eis Deputéierten erunzetrieden. Et ass net vun ongefeier, datt d'Chamber de 24. Mee 2000 beschloss huet, d'Riedezäit fir déi verschidde Projeten an Debatten an hirem interne Reglement nei ze definéieren an der Erwaardung, den öffentleche Sitzungen domat méi e geregelten an iwwersiichtleche Charakter ze erméiglechen.

Nodeems sech op deem Gebitt eng Routine an och eng gewësse Kulanz etabléiert hat, koum et an der Lescht des Öftere vir, datt dës Regel iwwerschratt gouf, wat dann noutgedrongen zu Interventioune gefouert huet, déi den Oflaf vun der Sitzung onnéideg belaascht hunn.

Am Sënn vun enger geregelter parlamentarescher Aarbecht, a schliesslech och an Ärem eegenen Interessi, géif ech lech bieden, lech un déi virgeschriwwe Riedezäiten ze halen.

Ech mengersäits hu mer fir dëst Joer fest virgeholl, de Respekt vun eisem Chamberreglement ganz genau ze iwwerwaachen.

***(Interruption)***

D'Regierung ass mat abegraff. Hei gëtt ee behandelt wéi deen aneren.

Des Weidere wéilt ech lech drëm bieden hei am Sall net Gebrauch vum Handy ze maachen, dat ebenfalls am Sënn vun engem uerdentlechen Oflaf vun eise Sitzungen. Schalt Är Handyën aus, wann Dir erakommt. Ech maachen nach eng Kéier drop opmierksam, datt mir sechs Telefonscabinen direkt niewendrun hunn, vun deene jiddfereen, wann et onbedingt muss sinn, ka Gebrauch maachen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- An der Iwwerzeegung, datt dës gutt Virsätz am Sënn vun eis all sinn, wënschen ech lech all an och deenen, déi eis nokucken, fir dëst Joer vill Gléck, eis hei an der Chamber eng gutt Aarbecht am Interesse vun eisem Land.

Des voix.- Très bien.

### 2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1. La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

   Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.
2. Ci-après la liste des projets de loi et de règlement grand-ducal déposés à partir du 20 décembre 2002:

1) 5076 Projet de loi garantissant l'usage paisible du droit de propriété et la liberté de mouvement et portant introduction d'un nouvel article 442-1 au code pénal

   Dépôt: Ministre de la Justice le 20.12.2002

2) 5077 Projet de règlement grand-ducal N° 5077 portant treizième modification de l'annexe 1 de la loi modifiée du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses

   Dépôt, à la demande du Ministre du Travail et de l'Emploi, le 31.12.2002

3) 5078 Projet de règlement grand-ducal portant application - de la directive modifiée n° 88/599/CEE du Conseil du 23 novembre 1988 sur des procédures uniformes concernant l'application du règlement (CEE) n° 3820/85 relatif à l'harmonisation de certaines dispositions en matière sociale dans le domaine des transports par route et du règlement (CEE) n° 3821/85 concernant l'appareil de contrôle dans le domaine des transports par route; - de la directive modifiée n° 95/50/CE du Conseil du 6 octobre 1995 concernant des procédures uniformes en matière de contrôle des transports de marchandises dangereuses par route

   Dépôt, à la demande du Ministre des Transports, le 06.01.2003

4) 5079 Projet de règlement grand-ducal sur les transports par route de marchandises dangereuses

   Dépôt, à la demande du Ministre des Transports, le 06.01.2003

5) 5080 Projet de règlement grand-ducal portant nouvelle fixation des montants du revenu minimum garanti

   Dépôt, à la demande du Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse, le 09.01.2003

6) 5081 Projet de règlement grand-ducal concernant l'octroi d'une aide financière pour la réalisation de mesures ayant pour objet des réductions d'émissions de $CO_2$ résultant de l'assainissement énergétique d'immeubles

   Dépôt, à la demande du Ministre de l'Environnement, le 09.01.2003

7) 5082 Projet de loi complétant la loi du 25 juillet 2002 concernant le remplacement des instituteurs de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire

   Dépôt: Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports le 10.01.2003

8) 5083 Projet de loi sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2001

   Dépôt: Ministre du Trésor et du Budget le 15.01.2003

9) 5084 Projet de règlement grand-ducal transposant en droit luxembourgeois la directive 2001/19/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 mai 2001 modifiant les directives 89/48/CEE et 92/51/CEE du Conseil concernant le système général de reconnaissance des qualifications professionnelles, et les directives 77/452/CEE, 77/453/CEE, 78/686/CEE, 78/687/CEE, 78/1026/CEE, 78/1027/CEE, 80/154/CEE, 80/155/CEE, 85/384/CEE, 85/432/CEE, 85/433/CEE et 93/16/CEE du Conseil concernant les professions d'infirmier responsable des soins généraux, de praticien de l'art dentaire, de vétérinaire, de sage-femme, d'architecte, de pharmacien et de médecin

   Dépôt, à la demande du Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports, le 15.01.2003

10) 5085 Projet de loi portant - modification de la loi du 5 avril 1993 relative au secteur financier; - modification de la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier; - modification de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés

    Dépôt: Ministre du Trésor et du Budget le 24.01.2003

3. Par lettre du 15 janvier 2003 M. Lucien Weiler a informé le Président de la Chambre qu'il désire interpeller le Gouvernement au sujet des crues et inondations au Luxembourg.
4. Par lettre du 18 décembre 2002 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre des Députés le texte des résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 4 au 5 décembre 2002:

   - position du Parlement européen sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conservation et à l'exploitation durable des ressources halieutiques dans le cadre de la politique commune de la pêche;

   - position du Parlement européen sur la proposition de règlement du Conseil modifiant le règlement (CE) n° 2792/1999 définissant les modalités et conditions des actions structurelles de la Communauté dans le secteur de la pêche;

   - position du Parlement européen sur la proposition de règlement du Conseil relatif à l'établissement d'une mesure d'urgence communautaire pour la démolition des navires de pêche;

   - résolution du Parlement européen sur le programme législatif et le programme de travail de la Commission pour 2002.

   Par lettre du 23 janvier 2003 il a fait parvenir le texte des résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 16 au 19 décembre 2002:

   - position sur la proposition de décision du Conseil concernant la conclusion de l'accord de coopération scientifique et technologique entre la Communauté européenne et l'Ukraine;

   - position sur la proposition de décision du Conseil concernant la conclusion d'un protocole additionnel à l'accord européen établissant une association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République tchèque, d'autre part, en ce qui concerne une prorogation de la période prévue à l'article 8, paragraphe 4, du protocole n° 2 de l'accord européen;

   - position sur la proposition de décision du Conseil concernant la conclusion d'un protocole additionnel à l'accord européen établissant une association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République de Bulgarie, d'autre part, en ce qui concerne une prorogation de la période prévue à l'article 9, paragraphe 4, du protocole n° 2 de l'accord européen;

   - position sur la proposition de décision du Conseil concernant la conclusion d'un protocole additionnel à l'accord européen établissant une association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la Roumanie, d'autre part, en ce qui concerne une prorogation de la période prévue à l'article 9, paragraphe 4, du protocole n° 2 de l'accord européen

   - résolution sur le financement futur des écoles européennes;

   - résolution sur le rapport de la Commission sur les activités de recherche et de développement technologique de l'Union européenne - rapport annuel 2001 et sur le rapport de la Commission sur le rapport annuel du CCR 2001;

   - résolution sur le rapport spécial de la Cour des comptes n° 2/2002 relatif aux programmes d'actions communautaires Socrates et Jeunesse pour l'Europe

   - résolution sur la typologie des actes et la hiérarchie des normes dans l'Union européenne;

   - résolution sur la lutte contre la fièvre aphteuse dans l'Union européenne en 2001 et les mesures à prendre pour éviter et combattre les épizooties dans l'Union européenne;

   - position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et le gouvernement de la région administrative spéciale de Hong Kong de la République populaire de Chine concernant la réadmission des personnes en séjour irrégulier .

### 3. Ordre du jour

An hirer Réunioun vum 23. Januar huet d'Presidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Haut de Mëtteg hu mer:

- eng Froestonn un d'Regierung,

- d'Interpellatioun vum Här Georges Wohlfart iwwert déi nohalteg Entwécklung vum Éislek,

- de Projet de loi 4961 iwwert d'Konventioun vun Espoo.

Mar um halwer dräi:

- eng Orientéierungsdebatt iwwert d'PISA-Etüd.

En Donneschdeg de Mueren um 9 Auer:

- d'Interpellatioun vum Här Gast Gibéryen iwwert d'Failliten.

Nomëttes um halwer dräi:

- eng Aktualitéitsstonn, déi ugefrot ginn ass vun de Fraktioune vun de Gréngen an de Sozialisten iwwer en eventuelle Krich am Irak,

- de Projet de loi 5004, de 7. Fënnefjoresplang vun der touristescher Infrastruktur,

- eng Motioun vun der Commission du contrôle de l'exécution budgétaire iwwert d'Finanzéierung vun de socio-familiale Strukturen,

- Naturalisatiounen.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

## 4. Heure de questions au Gouvernement

Mir kommen un d'Froestonn un d'Regierung.

Laut Artikel 78 vum Chamberreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit fir seng Fro virzedroen. D'Regierung huet véier Minutten Zäit fir drop ze äntwerten. D'Froe kommen ofwiesselnd vu Majoritéit an Oppositioun.

Fir d'éischt hu mer d'Fro 261 vum Här Ady Jung un de Finanzminister iwwert d'Uwendung vum TVA-Saz vun 3% bei de Promoteuren. Här Jung, Dir hutt d'Wuert.

### - Question N° 261 du 28 janvier 2003 de Monsieur le Député Ady Jung relative à l'application directe du taux super-réduit de 3% de TVA pour les promoteurs

**M. Ady Jung** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Gesetz vum 30. Juli 2002 an deem entspriechende Règlement grand-ducal ginn d'Bestëmmungen iwwert d'TVA, wat d'Uschafe vun engem Eegenheem a wat d'Vergréisseren an d'Transformatiounsaarbechten am Wunnengsbau ubelaangt, nei definéiert.

Dës Bestëmmunge gesi vir, dass fir Aarbechten, déi nom 31. Oktober 2002 gemaach ginn, déi Persounen, déi deementspriechend an de Wunnengsbau investéieren, direkt vum super reduzéierten TVA-Saz vun 3% profitéieren. Dës Initiativ vun der Regierung, besonnesch vum Finanzminister, ass vun der Enregistrementsverwaltung begréisst ginn, well heimat den administrativen Opwand wesentlech vereinfacht gëtt. Och déi interesséiert Handwierksbetriber hunn an dësen neie gesetzleche Bestëmmungen, Moossnamen erkannt, fir dem Bauhandwierk en neien Opdriff ze ginn. D'Beruffsorganisatioune vum Handwierk haten hir Bereetwëllegkeet matgedeelt, fir dës nei Schrëtt voll a ganz ze ënnerstëtzen, wat och geschitt.

Elo huet sech awer an der Praxis erwisen, dass verschidde Promoteuren, déi schlësselfäerdeg Wunnenge verkafen, Problemer domat hunn an net bereet si vun deenen neie Méiglechkeete Gebrauch ze maachen an hir Verkafspräisser entspriechend ze reduzéieren, wuelverstane wann et sech ëm Wunnraum handelt, deen eréischt nom Stéchdatum vum 31. Oktober 2002 geschafe gëtt. An deene Fäll kréien also déi betraffe Leit de vollen TVA-Saz vu 15% a Rechnung gestallt, mussen dowéinst méi en héije Prêt beantragen a méi Zënse bezuelen, fir dann zu engem spéideren Zäitpunkt eng Demande un den Enregistrement ze maachen, fir mat vill Verspéidung déi zevill bezuelten 12% TVA ze récupéréieren.

Meng Froen un den Här Finanzminister wären:

1. Wéi gesinn déi genee Prozeduren aus, déi d'Promoteuren uwende kënnen, fir dass och hir Clienten direkt vum super reduzéierten TVA-Saz vun 3% profitéieren?

2. Wat fir Mëttele gëtt et, fir dës Prozeduren an alle Fäll unzewenden, fir dass all Leit, déi am Wunnengsbau investéieren, direkt vun de gesetzlech virgesinne Virdeeler profitéiere kënnen?

Ech soen am Viraus merci fir entspriechend Beméiungen.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Minister Jean-Claude Juncker.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Ministre des Finances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn an der Lag dem honorabelen Här Jung matzedeelen, dass déi Prozeduren, déi zur Applikatioun kommen, selbstverständlech déi sinn, déi am Gesetz wéi am groussherzogleche Reglement virgesi sinn, wat am Konkreten heescht, dass d'Entreprise eng Demande un den Enregistrement riicht, fir mat deem Objet, dee se realiséiert, an de Genoss vun deem super ermässegte Saz vun 3% ze kommen.

Déi Demande ass anzereeche virum dem Ufank vun den Aarbechten oder virun der effektiver Fakturatioun. Si muss eng Rei vun Donnéeën iwwert déi Bauaktivitéiten enthalen, iwwert d'Entreprise selwer, esou wéi prezis Indikatiounen iwwert de Client, dat heescht an deem Fall de Propriétaire ëm deen et sech handelt, dee fir d'Liwerung vun deenen Donnéeë selbstverständlech selwer zoustänneg ass. Déi Demande un den Enregistrement muss d'Ënnerschréft droen, souwuel vun der Entreprise wéi och vun der Entreprise hirem Client.

Den Enregistrement gëtt op déi Ufro fir deen Agrément ze kréien, fir ënnert den super ermässegte Saz vun 3% ze falen, eng, wéi mir gesot gëtt, séier Äntwert, an där preziséiert gëtt, wéi héich de Betrag ass, dee kann ënnert d'Uwendung vun deem TVA super ermässegte Saz vun 3% falen.

Dat zweet Element vun Ärer Fro, Här Jung, betrëfft d'Schwieregkeet, dass déi 3% net ëmmer zur Uwendung kommen, mä heiansdo nach den Ëmwee iwwert de Remboursement gewielt gëtt. Effektiv léisst a bestëmmte Fäll d'Gesetz d'Optioun zou: Entweder kann een de super ermässegte Saz vun 3% froen, oder awer et kann ee fir déi al Formel vum Remboursement optéieren.

An deenen éischten dräi Méint nom Akraafttriede vun där neier Regelung si 795 Betriber, déi bis elo sech derfir décidéiert hunn, ëmmer deen super ermässegte Saz vun 3% zur Applikatioun kommen ze loossen, esou dass den Enregistrement an deenen éischten dräi Méint insgesamt 4.234 eenzel Agrémenter, dat heescht eenzel Bewëllegungen vum super ermässegte Saz ausgesprach huet, dass also ronn 4.000 Leit direkt an de Genoss vun der ermässegter TVA komm sinn.

Ech hunn den Enregistrement gebieden drop anzewierken, dass eng méiglechst grouss Zuel vun Entreprisen sech derfir décidéiert, fir déi Optioun vum super ermässegte Saz vun 3% ze optéieren, dat heescht, de Leit et ze erspueren am Ufank 15% ze bezuelen a da relativ laang op d'Neesausbezuelung waarden ze mussen.

Mir hunn dat jo gemaach, fir dass méi séier d'Leit kënnen an de Genoss vun engem méi bëllege Bauen trieden. Et wär ze wënschen, dass all d'Betriber, y compris d'Promoteure sech géife fir déi nei Formel décidéieren. Et ass méi einfach fir den Enregistrement. Et ass méi einfach fir d'Entreprisen. Et ass méi einfach fir deen, dee baut.

Wann ech nach 50 Sekunne méi kréien, Här President, wollt ech mech driwwer wonneren, dass no där Woch nodeem d'Europäesch Unioun wichteg steierpolitesch Décisioune geholl huet, keen Deputéierten d'Bedürfnis gespuert huet, de Finanzminister doriwwer ze befroen. Doraus liesen ech of, dass sämtlech Fraktioune vun dësem Haus mat deenen Décisiounen averstane sinn.

**M. le Président.**- Mir kommen elo zur Fro 262 vum Här Mars Di Bartolomeo un de Statssekretär vum öffentlechen Déngscht iwwert d'Deelzäitaarbecht bei der Fonction publique. D'Wuert huet den Här Mars Di Bartolomeo.

### - Question N° 262 du 28 janvier 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo relative à l'introduction du service partiel (25, 50 et 75%) dans la fonction publique

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun zwee an en halleft Joer hu mer hei an der Chamber den Accord salarial mat der Fonction publique gestëmmt a mir hunn deemools an deem Gesetz festgehalen, dass an der Fonction publique Deelzäitaarbecht 25, 50 a 75% sollt méiglech ginn. Deemools ass vum Statssekretär gesot ginn, dass d'Ausféierungsbestëmmungen am Hierscht 2000 géife kommen, net am Hierscht 2002 oder 2003.

Mir sinn elo zwee an en halleft Joer méi al. D'Deelzäitaarbecht beim Stat ass nach ëmmer net a Kraaft a mir kréie regelméisseg Froe vu Beschäftegten aus dem öffentleche Secteur, wéini dass déi dote Moossnam dann endlech kënnt. Dass se e wichtegt Element vum Accord salarial wär, huet deemools de Berichterstatter hei op der Chamberstribün gesot. Hien huet gesot: D'Aféierung vun der neier Deelzäitbeschäftegung beim Stat, dem sougenannte Service à temps partiel, deen elo d'Form vum Travail à mi-temps ersetzt, ass eent vun de Schlësselelementer vun dësem Accord salarial. Et gëtt de Beamten also elo méiglech gemaach manner wéi 100, manner wéi 50% ze schaffen. De Statssekretär huet bei därselwechter Geleeënheet gesot: „Dofir froen ech mech, ob eigentlech jiddfereen sech bewosst ass, dass déi Neierunge vun 25%, 50% oder 75 % Service à temps partiel, déi mer elo aféieren, mat enger klenger Revolutioun ze vergläiche sinn".

Abbee, Här Statssekretär, eng Revolutioun, déi op Mokuchsdag vertagt gëtt, ass keng Revolutioun a mir waarden nach ëmmer op dës Revolutioun. Ech fannen, dass et eng ganz onorthodox legislativ Manéier ass, dass mer hei an der Chamber e Gesetz stëmmen, wou mer en Ausféierungsreglement fir den Hierscht versprach kréien an dass mer dann, nodeem mer ganz laang gewaart hunn, op eemol datselwecht Gesetz nach eng Kéier mussen am Statut stëmmen, wou mer dann dës Kéier am Gesetz d'Ausféierungsbestëmmunge matabauen.

***(Interruptions)***

Neen, si ass nach net ofgelaf. Den Här Jung hat 2,43 Minutten an ech wëll behandelt gi wéi den Här Jung.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Et ass also eng ganz onorthodox Aart a Weis fir ze légiféréieren. Wat huet en Accord salarial fir e Wäert, wann en zwee an en halleft Joer duerno nach net a Kraaft ass? Geet et, an elo kommen ech bei d'Froen, an ech si scho bal fäerdeg, dem Statut,…

***(Interruptions)***

…Här Statssekretär, wéi der globaler Gehälterrevisioun? Wéini kënnt d'Deelzäitaarbecht beim Stat a bei den assimiléierte Secteuren? Wéini, Här Statssekretär, kënnen d'Beamten, déi scho laang drop waarden, hir Anträg op Deelzäitaarbecht maachen? Ech fäerten nämlech fir Iech, dass de Verhandlungspartner net méi laang nokuckt, dass esou eng wichteg Schlësselmesure op Mokuchsdag vertagt gëtt.

**M. le Président.**- Den Här Statssekretär Jos Schaack huet d'Wuert.

**M. Joseph Schaack,** *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer kuerz den Historique vun dëser Mesure ze maachen. Dir wësst, datt de Service à temps partiel schonn op den Ufank vun dëser Legislatur zréckgeet an zwar als eng, wéi Dir et gesot hutt, Här Di Bartolomeo, vun deene wichtegste Mesuren, déi am Lounaccord vum 29. Mee 2000 tëschent der Regierung an der CGFP ausgehandelt an och esou zréckbehale goufen. Dat Ganzt gouf dunn am Gesetz vum 28. Juli 2000 ënnert deene Modalitéite konkretiséiert, op déi ech nach wäert zréckkommen.

Wichteg ass dobäi ze soen, datt et sech hei nëmmen ëm eng Disposition habilitante gehandelt huet. D'Ausféierung vum Service à temps partiel sollt engem Règlement grand-ducal iwwerlooss ginn.

Wéi mer eis awer duerno drugesat hunn an eng detailléiert Analys iwwert d'Ëmsetze vun dëser Mesure gemaach hunn, hu mer festgestallt, datt dës Operatioun net eleng iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal ze maache wier.

Aner Gesetzer ware vun der Ëmsetzung betraff, wéi zum Beispill d'Gehältergesetz un éischter Stell, awer och d'Gesetz iwwert d'Harmoniséierung vun den Avancementer an och dat vun de Pensiounen. Och aner Reglementer waren ze änneren. Texter iwwert den Horaire mobile, Indemnités d'habillement, d'Gesetz iwwert d'Employéën, fir nëmmen déi Wichtegst dovunner opzezielen. Eleng dat war de Grond, firwat d'Regierung higoung an an deem neien Text iwwert d'Reform vum Beamtestatut, dat iwwregens am Accord mat der CGFP, den Temps partiel nach eng Kéier als Prinzip an de Gesetzesprojet 4891 iwwert d'Reform vum Beamtestatut agéschriwwen huet. An deemselwechten Text goufen dann och direkt d'Modalitéiten an d'Bedingunge vun dëser neier Mesure festgeluegt, dat Ganzt aus enger ganz virsichteger Haltung eraus, well de Service à temps partiel sollt d'Ausnahm bleiwe par rapport zum klassesche Regim vun der Vollbeschäftegung an awer och zu engem Congé pour travail à mi-temps.

Fir d'Gestioun an de Verwaltungen net iwwert d'Moossen ze verkomplizéieren, goufe just dräi Modeller aus dem Lounaccord vum Mee 2000 confirméiert, an zwar 25, 50 an 75%, Et gëtt also kee Risiko vun engem onendleche Fraktionéiere vun enger ganzer Tâche oder engem ganze Posten.

Dat Ganzt gëtt un den Intérêt de service gebonnen. De Ressortminister hëlt déi lescht definitiv Décisioun, allerdéngs op Grond vum Avis vum Verwaltungschef, vun der Personalvertriedung oder vum Délégué à l'égalité an och vum Minister vun der Fonction publique.

Am ursprünglechen Text hat d'Regierung virgesinn, de Service à temps partiel op e Maximum vun 20% pro Verwaltung ze beschränken. An der Serie vun den Amendementer zu sengem ursprünglechen Text ass d'Regierung allerdéngs higaangen an huet dës Limiten opgehuewen. Si huet se opgehuewen an der Meenung, dass d'Verwaltungschefen eleng missten an der Lag sinn, op der Basis vum Intérêt de service, ze appréciéieren, ob se e Poste kënnte splitten, fir e Service à temps partiel ze erméiglechen oder net.

Den Horaire vun engem Agent, deen à temps partiel schafft, kann iwwregens vun der Verwaltung an där hie schafft, no hire Contrainten, awer och nom Wonsch vum Interessent, fräi an individuell gestallt ginn, a leschtlech kënnen all déijéineg, déi e Service à temps partiel hu fir hir Kanner ze erzéien, fir dës Zäit vun där neier Mesure vun der integraler Bonifikatioun vun dëse Jore profitéiere bis d'Kanner 15 Joer sinn.

Fir komplett ze sinn, erlaabt mer just nach derbäi ze soen, datt de Statsrot schonn a sengem Avis zum Projet de loi iwwert den Accord salarial vum Mee 2000, dem spéidere Gesetz vum Juli 2000, seng Bedenke geäussert huet iwwert de Prozentsaz vu 25%. A sengem rezenten Avis iwwert de Statsbeamtestatut huet hien dës Bedenken nach eng Kéier confirméiert.

D'Regierung wäert an hirer Sëtzung vum nächste Freideg, dem 31. Januar, sech am Detail mat dem Avis vum Statsrot ausenanersetzen. Ech ginn awer haut net dovunner aus, datt sech un deenen dräi Modeller vu 25, 50 an 75% wäert eppes grondsätzlech änneren, dat ëmsou méi, well dëse Punkt an där Form eng Partie intégrante vun engem Lounaccord ass, deen tëschent zwee Partner, Regierung an CGFP, esou ausgehandelt an den 29. Mee 2000 esou ënnerschriwwe gouf. Voilà.

***(Interruptions)***

**M. le Président.**- Dat hei ass keng Fro mat engem Débat; dat ass eng aner Zort vu Froen. Dir hutt nëmmen eng Fro ze stellen an de Minister äntwert.

***(Brouhaha général)***

Dir musst Iech un d'Regelen halen. Ech gesi mat deene gudde Virsätz am neie Joer, dat huet net vill gedéngt. Also, loosst mer eis un eist Reglement halen. Mir hunn zwou Zorte vu Froen: Mir hunn der, wou een eng Nofro ka stellen, an et gëtt der, wou ee keng Nofro ka stellen. Dat hei ass där éischter eng an dofir fuere mer elo weider.

Den Här Gusty Graas kritt d'Wuert zur Fro 263 un de Statssekretär vum Environnement iwwert d'Etablissements classés.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).*- Här President, den Här Statssekretär huet Är Wënsch op alle Fall net héieren. Hien huet fënnef an eng hallef Minutte geschwat.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- An d'Fro ass net beäntwert ginn!

**M. le Président.**- Dir sidd alleguer schonn driwwer gefuer. Mir kucke geschwënn eng Klapp heihinner ze kréien.

***(Interruptions diverses)***

Den Här Gusty Graas huet d'Wuert.

### - Question N° 263 du 28 janvier 2003 de Monsieur le Député Gusty Graas relative à la législation concernant les établissements classés

**M. Gusty Graas** *(DP).*- Dat ass fein, Här President. Merci.

***(Brouhaha général)***

1999 ass d'Kommodosgesetz ëmgeännert ginn, an zwar an enger Rei vu Punkten. Ënner anerem war festgehale ginn, dass an Zukunft keng Baugenehmegung méi kéint ausgestallt ginn, wann net scho gläichzäiteg eng Autorisatioun vum Kommodo accordéiert gi wär. De Moment diskutéiere mir jo och an der Ëmweltkommissioun iwwer eng nei Phas, eng Adaptatioun vun dem Kommodosgesetz.

Do hu mir festgehalen als Kommissioun, dass een dee Prinzip net soll

annuléieren. Et geet virun allem awer ëm d'Transpositioun vun enger EU-Direktiv iwwer Impaktstudien. Allerdéngs konnt een an deene leschten Deeg an der Press an an aneren eenzelne Publikatioune liesen, wéi wann d'Regierung awer éischter der Meenung wär, et sollt een trotzdeem erëm op de Wee goen, fir dee Prinzip lass ze léisen, dat heescht dass och eng Baugenehmegung kéint ausgestallt ginn, ouni dass schonn de Kommodo autoriséiert wär.

Och wa mir natierlech hei als Parlament décidéiere wéi dat Gesetz schlussendlech ausgesi soll, wär et awer vläicht interessant vum Statssekretär gewuer ze ginn, wat dann elo wierklech d'Attitude vun der Regierung an deem Punkt do ass. Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Statssekretär Eugène Berger.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Graas huet Referenz gemaach op déi Diskussiounen, déi an der Ëmweltkommissioun an deene leschte Sitzunge gelaf sinn, wou iwwer Amendementer zum bestehende Kommodosgesetz diskutéiert ginn ass a wou jo Amendementer elo mat engem Text coordonné un de Statsrot geschéckt gi sinn. Ech kann hei nëmme confirméieren, dass et keng nei Elementer an deem Dossier gëtt.

Et ass net esou, dass d'Kommodosautorisatioun géif elo vun enger Baugenehmegung an der Gemeng lassgekoppelt ginn. Dovu war ni Rieds an et ass och ni beofsiichtegt ginn. Au contraire, et ass esou, dass den Artikel 17.2 am Gesetz bleift, mä dass en plus nach eng zousätzlech Dispositioun dobäi kënnt am Artikel 7 vum Gesetz vun 1999, wou preziséiert gëtt, dass souguer wann d'Demande erakënnt schonn en, soe mer e Beweis, e Certificat oder iergendeng Pièce muss dobäi leien, dass och deen Objet, deen een herno eventuell wéilt autoriséieren iwwert de Kommodo, an engem Areal läit, am Bauperimeter läit, wou dat iwwerhaapt méiglech ass.

Dat heescht, dass also net en Antragsteller en Dossier eragëtt, eventuell och nach Etüde maache léisst, an esou weider, an dann zum Schluss gesot kritt: Et deet eis Leed, mä dat entsprécht net dem Bauperimeter. Mir froen dat elo schonn am Virfeld laut deem Text, dee mir amendéiert hunn. Nach eng Kéier, et kann also guer net Rieds goen dovunner, dass d'Kommodosautorisatioun géif lassgekoppelt gi vun der Baugenehmegung. Wann also eenzel Deputéierten oder Ëmweltgewerkschaften esou eppes behaapten, dann entsprécht dat wierklech purer Fantaisie.

An deem Kontext wéilt ech dann och nach eng aner Saach hei zréckweisen, déi a verschiddene Publikatioune stoung am Kontext mat deem Kommodosgesetz, wou behaapt gi war, dass an Zukunft en Ingénieur technicien kéint Direkter gi bei der Ëmweltverwaltung. Dat ass och einfach aus der Loft gegraff. Dat steet a kengen Texter. Och dat muss ech zréckweisen. Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jean Huss fir eng Fro un den Här Innenminister iwwert d'Drénkwasserversuergung.

- Question N° 264 du 27 janvier 2003 de Monsieur le Député Jean Huss relative aux problèmes d'approvisionnement de la population en eau potable lors de la contamination accidentelle des sources d'eau

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Fro, déi ech hei stelle wëll, ass eng Fro, déi eng Rei Matbierger u mech erugedroen hunn, iwwert d'bakteriell Belaaschtung vu munche Quellen, déi geschitt nodeem et zu Stierm, zu Iwwerschwemmungen oder zu Donnerwiedere komm ass.

Mir haten dat bekanntlech an deene vergaangene Joren etlech Kéieren op eenzelne Plazen. Mir haten dat souguer nach viru kuerzem. Dat ass eng Situatioun, wou d'Leit da gerode kréien, si missten doheem oppassen, si dierften hiert Drénkwaasser net drénken oder si missten et zumindest während zéng Minutte kache loossen ier se et kéinten huelen. Wann dat een, zwee Deeg dauert, dann ass dat u sech kee Problem, mä a munche Fäll - där hate mir och hei am Land - huet déi bakteriell Belaaschtung iwwer eng Woch gedauert, an da fänkt et awer un e Problem ze ginn, besonnesch géif ech soe fir eeler Leit oder fir Leit, déi krank sinn.

Déi Leit hu mech drop opmierksam gemaach, dass am Ausland, a Frankräich zum Beispill, wou och esou ähnlech Geschichte virkomm sinn, da beispillsweis vun den Autoritéiten am Duerf Zetären opgestallt gi si mat propperem Drénkwaasser, oder dass eeler Leit a krank Leit an hir Wunnengen dann ofgefëlltent Waasser gedroe kritt hunn.

Ech weess ganz genau, dass dat net d'Léisung vum Problem ass, mä et ass awer eng kleng praktesch Léisung fir Leit, déi sozial schwaach sinn oder déi Problemer hu fir esou laang Zäit ouni Waasser ze sinn, fir d'Geméis, d'Zalot, d'Zänn an esou virun ze wäschen. Ech mengen, et misst een och iwwer e bessere Quelleschutz schwätzen an iwwert d'Ursaach vun Iwwerschwemmungen. Hei geet et awer nëmmen ëm dee ganz klenge praktesche Problem, ob et net méiglech wär fir Leit, déi an esou enger Situatioun sinn, eeler Leit a krank Leit, dass déi awer kënnten u gesond Drénkwaasser erukommen? Dat wär meng Fro.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Innenminister Michel Wolter.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Här Huss geet a senger Fro an op rezent Fäll vu Verschmotzung vum Drénkwaasser, déi mir an deene leschte Méint kannt hunn a verschiddene Gemengen, wéi lechternach, Biirmeréng, Konsdréf, Préizerdall, Betzder, Manternach, Jonglënster, Lëntgen an Habscht. Dat ass eng relativ laang Lëscht, déi d'Tendenz huet zouzehuelen a wou mir eis eng ganz Rei vu Suergen driwwer maachen. Dëst ëmsou méi, well et sech bei deene Gemenge ganz oft nach ëm Gemengen handelt, déi nom sou genannte Prinzip vun der Autonomie fueren. Se huelen also autonom Waasser a si sinn net ëmmer am Verbond, dee mir amgaange sinn am Land opzebauen.

Ech konnt iwwert d'Ursaachen dovu schonn op eng Fro vum honorablen Deputéierte Scheuer am September äntwerten. Ech wollt am Fong geholl dorobber just hiweisen, well ech dat jo dann dës Kéier net brauch ze maachen.

Den Här Huss stellt eng praktesch Fro, eng richteg Fro, déi doranner besteet: Wat geschitt, wann iwwer länger Zäit net nëmme sporadesch an iwwer eng kuerz Dauer duerch esou eng Waasserverschmotzung d'Leit kee proppert Waasser op déi normal bekannten Aart a Weis kënne consomméieren?

Do hu mir eng Solutioun, déi och de Gemenge schonn ugebuede ginn ass. Dat ass d'Solutioun vun der Protection civile. Eis Protection civile ass ausgeriicht op déi dote Fäll. Si huet ënner anerem dräi Waasserzetäre mat enger Kapazitéit vun eemol 10.000 Liter an zweemol 8.000 Liter, déi si de Gemenge kann zur Verfügung stellen, fir se beispillsweis op der Maartplaz dann ze installéieren, wann et méi laang géif daueren. Op der Base nationale zu Lëntgen steet och eng Waasseropbereedungsanlag, déi et erlaabt mat enger Kapazitéit vun 10.000 Liter d'Stonn aus liicht kontaminéiertem oder verschmotztem Waasser e proppert Drénkwaasser ze maachen.

All d'Gemenge si selbstverständlech gefrot, wa si de Problem gesinn, fir sech bei der Protection civile ze mellen, déi fir d'Gemengen do ass an déi och hiert Material an hir Kompetenz zur Verfügung stellt, wa Problemer do sinn. Mir hunn awer och am Fall vun de rezenten Héichwaasserkatastrophe gemierkt, dass mir manifestement e Kommunikatiounsproblem tëschent de Gemengen an der Protection civile op gewëssene Punkten hunn.

Do gëtt deen Automatismus, deen am Fong misst déclenchéiert ginn, net ëmmer déclenchéiert. Ech hu wëlles mat der Protection civile par rapport zu de Gemengen do nach eng Kéier eng Initiativ ze ergräifen, fir hinne kloer ze soen a wat fir engem Moment, dass si bei wat fir enger Schwieregkeet op d'Servicer an op wat fir eng Servicer vun der Protection civile kënnen zréckgräifen. Ech hunn d'Impressioun, dass verschidde Gemengeresponsabel net ëmmer 100%eg au courant sinn iwwert d'Méiglechkeeten, déi mir am Laf vun deene leschte Joren hei zu Lëtzebuerg opgebaut hunn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Et kënnt elo d'Fro 265 vum Här Lucien Weiler un de Statssekretär am Environnement iwwert d'Deponie vum SIDEC. Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Den Här Weiler gëtt sech net.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Den Här Weiler wëllt nach e Selbstgoal schéissen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Oh mei, Här Gira!

Une voix.- Et wär net fir d'éischt.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Wa se all esou süffisant wären, da géif et schéi ginn hei bannen.

***(Interruptions)***

- Question N° 265 du 28 janvier 2003 de Monsieur le Député Lucien Weiler relative au traitement des gaz de la décharge SIDEC

Här President, d'SIDEC-Deponie war an deene leschte Méint vill an der Opmierksamkeet an an der Kritik. Et ass sech an deene leschte Wochen an Deeg vill beméit ginn, fir se aus der Diskussioun eraus ze kréien. Ech kann déi Publicatiounen an déi Communiquéen, déi gemaach gi sinn, quant au fond net alleguerten appréciéieren, well eis eng Rei Donnéeën do feelen. Dass awer alles soll esou fein an esou schéi sinn, dat wär schéin, wann et esou wär, mä ech muss soen: Es fehlt mir der Glaube. Allerdéngs komme mir an enger spéiderer Diskussioun dorobber zréck.

Ech wollt hei just d'Fro stellen, ob et stëmmt, dass et am Kader vun de Genehmegungen, déi de SIDEC krut, virgesinn ass, dass eng Gasentfackelungsanlag op där Deponie misst installéiert ginn an ob déi effektiv installéiert ginn ass. Wa jo, wollt ech gäre wëssen, ob déi fonctionnéiert oder ob et stëmmt, dass esou, wéi dat ëmmer erëm behaapt gëtt zënter enger Rei vu Joren. déi Anlag net méi fonctionnéiert. Wann dat sollt stëmmen, dass se net fonctionnéiert, da stellen ech mir d'Fro: Firwat gëtt dat toleréiert, wann esou eng Anlag an der Autorisatioun als Konditioun virgeschriwwen ass? Schlussendlech wëll ech vum Statssekretär wësse wéi eng Moossnamen dann elo ergraff ginn, fir dass deen doten Zoustand ophéiert. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Statssekretär Här Eugène Berger.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Merci, Här President. D'Fro vum Här Weiler bezitt sech elo méi op d'Installatioune vum Dégazage. Ech wollt awer trotzdeem eng kleng Remarque maachen, well en dat och ugeschnidden huet par rapport zu deene verschiddene Communiquéen déi am Bezuch ware mat deem Dossier, nenne mir et mol PAK vum SIDEC. Ech wëll nëmme betounen, datt déi Communiquéen am Fong d'Resultat si vu verschiddenen Analysen, vu verschiddene Concertatiounen, déi verschidde Verwaltunge gemaach hunn, sief dat d'Veterinärsinspektioun, d'ITM, d'Ëmweltverwaltung, oder nach d'Santé an esou weider.

Bon, awer da bei déi Fro vun haut. Dat ass déi, wou et ëm d'Installatioune vum Dégazage geet. Vläicht kuerz den Historique, wéi ech en de Moment kennen.

Et ass esou, datt 1994 éischt Installatiounë fir Dégazage installéiert gi sinn. Et muss een och vläicht wëssen, datt den Tipp a verschidden Zonen oder Arealer opgedeelt ass - ech hunn och eng Kaart derbäi - a mëttlerweil fënnef verschidde Fläche beinhalt, wou Offall ofgelagert gëtt.

Deemools, also 1994, sinn an de sougenannte Zonen 1 an 2, wou Offall deponéiert ginn ass, Pëtzer installéiert gi fir de Gas ofzefänken. Dat waren dräi Pëtzer an der Zon 1 a fënnef Pëtzer an der Zon 2. Dee Gas ass herno einfach ofgefackelt ginn.

1997 huet dunn d'Ëmweltverwaltung awer gemengt, et wier gutt fir Oplagen ze froen, respektiv de SIDEC ze froen, fir dee Gas besser ze verwäerten amplaz e just einfach ze verbrennen. Si kruten duerch en Arrêté vum 17. Juli 1997 gesot, datt se sollte kucke fir dee Gas besser ze verwäerten, eventuell a Richtung vun engem Blockheizkraaftwierk ze goen, an datt sollt no zwee Joer en entspriechend Konzept virgeluecht ginn.

1998 sinn an deem Sënn Essaie gemaach gi vum Büro RUK Umweltanalytik. Déi Etüde waren net ganz konkluant fir mat deenen Installatioune vun Dégazage, wéi se dee Moment existéiert hunn, ee Blockheizkraaftwierk ze alimentéieren. Et ware vill Variatiounen am Drock vum Gas, deen aus der Décharge eraus komm ass, respektiv waren och d'Leitungen net méi um leschte Stand, well déi scho säit 1994 louchen.

Derniewent ass da komm, datt den Tipp vergréissert ginn ass. Datt also do och Dreck, deen op enger Plaz louch, op eng aner Plaz provisoresch geluecht ginn ass, fir herno eben zréck an den Areal 4 oder an den Areal 2 geluecht ze ginn. Dat heescht, et waren eng Rei Ëmschichtungen um Site während de Joren 1998 bis praktesch 2001, wat natierlech schwiereg gemaach huet fir während där Phas, wou ëmgeschicht ginn ass, eng definitiv Solutioun fir den Dégazage ze installéieren. Déi Aarbechte si mëttlerweil ofgeschloss an et kann een also elo en definitive System vum Dégazage installéieren, deen eventuell och kann un eng Verwäertung an engem ekologesche Sënn ugeschloss ginn.

Dat ass also ëmmer am Accord an am Suivi vun der Ëmweltverwaltung geschitt. Normalerweis, laut mengen Informatiounen, vu datt déi Aarbechte vun Ëmschichtung innerhalb vum Areal vum Tipp praktesch fäerdeg sinn, misst also am Hierscht 2003 déi Installatioun definitiv stoen. Esou wäit ech am Bild sinn, sinn do och Investissementer an enger gewëssener Héicht vum SIDEC gemaach ginn.

Merci.

M. le Président.- Mer kommen elo zur Fro 266 vum Här Alex Bodry un den Här Justizminister iwwert d'Gewerkschaftsfräiheeten. D'Wuert huet den Här Alex Bodry.

- Question N° 266 du 28 janvier 2003 de Monsieur le Député Alex Bodry relative aux libertés syndicales

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 20. Dezember d'lescht Joer, et ass nach net laang hier, huet d'Regierung an der Chamber ee Gesetzesprojet iwwert déi sougenannt ongestéiert Notzung vum Eegentumsrecht a vun der Bewegungsfräiheet deponéiert. Et geet bei dësem Regierungsprojet ëm en neien Artikel an eisem Code pénal, den Artikel 442-1, deen den Hausfriddensbroch hei zu Lëtzebuerg an Zukunft mat Geldbousse bis zu 25.000 Euro a Prisong bis zu zwee, respektiv fënnef Joer soll bestrofen.

Et muss ee wëssen, dass bis dato hei zu Lëtzebuerg et zwar eng Protektioun vum Privatdomicile gëtt, mä dass déi ëmmer restriktiv gehandhaabt ginn ass. Dës Regierungsinitiativ vum Dezember huet iwwerrascht. Si huet iwwerrascht dobaussen an der öffentlecher Meenung. Si huet och, mengen ech, an der Politik iwwerrascht bis an d'Reie vun der Majoritéit eran. Et ass eng Initiativ, den Hausfriddensbroch hei zu Lëtzebuerg nom däitsche Modell anzeféieren, déi net am Regierungsprogramm steet, déi ni ugekënnegt ginn ass, déi och net virdrun duerchdiskutéiert ginn ass.

Et muss een also feststellen, dass am Virfeld zumindest dëse Gesetzesprojet net vun engem Iwwermooss un Dialog an Transparenz gekennzeechent ass, wat sech elo sécherlech amgaang ass ze rächen. Et ass eigentlech erstaunlech an esou engem sensibele Beräich, wou et ëm d'Vereinbarkeet vun enger Rei vu Grondfräiheeten a Grondrechter vum Mënsch geet, op där enger Säit den Droit de propriété, op där anerer Säit d'Fräiheet seng Meenung kënnen ze äusseren, d'Fräiheet ze manifestéieren an d'Fräiheet och hei zu Lëtzebuerg ze streiken.

Iwwerraschenderweis - dat war déi zweet Iwwerraschung an deem doten Dossier -, sechs Wochen nodeem den Dépôt vum Projet de loi stattfonnt hat, huet anscheinend d'Regierung gëschter, no enger Entrevue mam OGB-L a mam LCGB, sech engagéiert hiren nach jonken an drockfrësche Gesetzesprojet ëmzeänneren. Dat ass a mengen Aen e bal eemolege Virgang, dass an Zäit vun e puer Wochen esou ee Revirement vu Regierungssäit stattfënnt.

Ech wëll dofir folgend Froen un de Justizminister riichten:

1. Kann de Justizminister bestätegen, dass de Regierungstext vum Dezember 2002 wäert vun der Regierung an där nächster Zäit ëmgeännert ginn? Wa jo, firwat geschitt dat no esou kuerzer Zäit a wat sinn d'Grënn, fir déi Ëmänneronge vum Regierungsprojet virzehuelen?

2. Firwat huet d'Regierung net am Virfeld vun hirer Initiativ eng Consultatioun duerchgefouert mat all deene betraffene Kreeser fir eng besser legislativ Aarbecht kënnen ze garantéieren?

3. Ass d'Regierung gewëllt niewent de Gewerkschaften och weider Gespréicher mat anere relevante Kräfte vun der Société civile ze féieren, fir och hir Meenung zu deem dote Regierungstext anzehuelen?

4. Firwat huet sech d'Regierung bei hirer Initiativ op een däitschen

Text beruff, wou et eigentlech an eisem Lëtzebuerger Strofrecht net üblech a bal een eemolege Virgang ass, dass mer eis un däitschen Texter inspiréieren? Normalerweis gi mer eis eigentlech an d'franséischt an an d'belscht Recht inspiréieren wat de Code pénal betrëfft. Firwat ass d'Regierung dozou iwwergaangen an huet Prisongsstrofen deelweis erop gesat par rapport zu hirem Modelltext, dem däitschen Text, Artikel 123? Firwat steet an hirem Text net ausdrécklech dran, dass déi doten Infraktioun nëmme kann op Plainte verfollegt ginn an net automatesch ka festgestallt ginn, wéi dat am däitschen Text och de Fall ass? Firwat also déi Verschäerfung par rapport zu dem Modell, deen d'Regierung erugezunn huet?

5. Eng weider a lescht Fro, déi ech wollt stellen, dat ass déi, ob et wierklech da keen anere Wee an den Ae vun der Regierung gëtt fir déi Zilsetzung ze erreechen, déi se mol schéngt ze hunn, fir a gewëssenen exceptionnelle Situatioune kënnen ze erreechen, dass d'Polizei kann agräifen an eventuell ee Blocage, dee länger Zäit gedauert huet a wou et net méiglech war duerch Verhandlunge virunzekommen, dann ewech ze kréien? Muss wierklech een Délit correctionnel hei aféieren, wou Prisongsstrofe bis zwee, respektiv fënnef Joer drop stinn? Wär et net méiglech gewiescht, iwwert de Wee vun enger Contraventioun zum Beispill, eppes ähnleches ze erreechen?

Wéi gesot, si mer net amgaang hei mat Kanounen op Spatzen ze schéissen? A mengen Ae betrëfft dat net nëmmen d'Fro vum Streikrecht, mä och aner substanziell Rechter, déi awer musse ganz staark protégéiert sinn an déi fir mech esou wichteg si wéi de Schutz vum Eegentumsrecht hei zu Lëtzebuerg.

Ech wär frou, wann ech op all déi Froen do eng Äntwert kënnt kréien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn haut mat enger spezieller Situatioun zu Lëtzebuerg konfrontéiert, nämlech där, datt mer an eisem Strofgesetzbuch eng Bestëmmung hunn iwwert d'Onverletzbarkeet vun der Wunneng, d'Inviolabilité du domicile, déi sech op déi Gebaier bezitt, wou eng Persoun oder méi Persounen dra wunnen. Wann also Friemer engem seng Wunneng besetzen, da kann d'Police dohinner goen an déi Leit bieden dat Gebai ze verloossen. Wa se dat net maachen, kënne se dat mat deenen übleche Methode vun der Police maachen.

Mir hunn doniewent eng Situatioun, déi ass net an eisem Strofgesetzbuch geregelt, d'Situatioun vun enger Besetzung vun Net-Wunnengen, also vu Büroen, Geschäfter, öffentleche Gebaier. Hei kann de Stat net intervenéiere wann dës Gebaier friddlech besat ginn, dat heescht ouni datt iergend eng aner Infraktioun geschitt.

Et geet also hei ëm eng Grondfräiheet, nämlech d'Grondfräiheet vun all deenen, déi sech op deene Plaze wëlle fräi bewegen an déi an dem Exercice vun där Grondfräiheet empêchéiert ginn. Et geet dobäi och ëm de Schutz vum Privateegentum iwwert d'Wunneng eraus.

Eng ganz Rei Leit hunn an deene leschten Deeg ganz haart iwwert dëse Projet de loi geschwat. Mä ech froen d'Chamber, an doriwwer eraus d'Leit hei am Land: Fannt Dir et normal datt een eng Gare zum Beispill besetzt, well ee rosen ass iwwert de Fahrplan vun den Zich? Wann een e Supermarché besetzt, well een net d'accord ass mat iergendenger Marque vu Produkter, déi do verkaaft gëtt? Wann een eng Schoul besetzt, well e mat deem engen oder deem anere Proff oder Schoulprogramm net d'accord ass?

Wann een eng Tankstell besetzt an e puer Deeg deene Leit, déi do als Pompist schaffen, net erlaabt hire Liter Benzin oder hire Pak Zigaretten ze verkafen; wann een, Dir Dammen an Dir Hären, dës Chamber als öffentlech Plaz op eng friddlech Manéier besetzt an net réckelt wann de Chamberspresident seet: Wann ech gelift, gitt virun d'Dir, da muss ech lech soen, haut ass et esou, datt d'Regierung, de Procureur, d'Police net kënnen intervenéieren, well mer doriwwer keng strofrechtlech Bestëmmung hunn. Ech fannen dat net normal, d'Regierung fënnt dat net normal, an et ass dofir wou se dëse Projet de loi op den Instanzewee ginn huet. Bei dësem Projet de loi geet et also ëm eng Grondfräiheet, déi, fir sech fräi ze bewegen.

Mir situéieren eis hei net am Kontext vum Streikrecht, an dofir hate mer am Projet de loi, wéi mer en déposéiert hunn - et muss een de ganzen Exposé de motifs liesen -, geschriwwen: "Le projet ne porte pas non plus atteinte au droit de grève, dont l'exercice reste rigide par les dispositions légales et réglementaires qui lui sont propres."

Et ass dofir, dass den Text seet iwwert d'Stroossen, déi een net ka besetzen. Et gëtt eben eng ganz Rei Rechter. Et gëtt haut schonn eng Dispositioun am Code de la route an am Code pénal, déi zum Beispill der Police et erlaabt ze intervenéiere fir eng Strooss fräi ze setzen. Déi kann och emol am Konflikt si mat anere Grondrechter. Et gëtt vill Rechter, déi an engem Konflikt matenee sinn. Et ass dann um Gesetzgeber ze kucken, wéi deem engen an deem anere seng Grondrechter kënne protégéiert ginn.

Et ass dofir, wou d'Regierung gëschter nach eng Kéier gesot huet, datt dat hei e Projet wär, deen näischt mam Streikrecht ze doen hätt, d'Streikrecht, wat jo och nëmmen a ganz limitéierte Konditiounen zu Lëtzebuerg exerzéiert gëtt, nämlech, an dat wësst Der, nom Échec vun enger Schlichtungsprozedur, an et ass da wou verschidde Rechter, déi normal sinn, an engem anere Bléckwénkel ze gesi sinn.

Dëst Gesetz inspiréiert sech, dat ass richteg, un engem däitschen Text. Mir hunn notamment dat Däitscht gekuckt, well déi an deem dote Beräich ähnlech Bestëmmungen iwwert d'Wunneng hu wéi mir, mä déi d'Wunneng an hirem Strofgesetzbuch méi breet interpretéiert hunn. Mir hu gemengt, datt dat eng vun de Méiglechkeete wier, fir déi do Problematik ze léisen.

Eis geet et net nëmmen ëm d'Rechter vun e puer Leit oder e puer Organisatiounen. Eis geet et och ëm d'Rechter vun all deenen anere Leit, déi an engem Land an enger gewëssener Situatioun och Rechter hunn, nämlech Bewegungsfräiheet.

D'Konsultatioun, soen ech dem Deputéierte Bodry, fënnt statt, wann een e Projet de loi déposéiert huet. Da kënnt een an d'Parlament an da ka jiddferee seng Meenung zu deem Projet de loi soen. Ech hätt och gären, datt zu deene Froen, déi ech virdru gestallt hunn, datt do all Deputéierten, all Fraktioun seet, ob si et normal fënnt, datt ee kann eppes en dehors vum Streikrecht besetzen an datt do de Stat net kann intervenéieren. Ob de Stat intervenéiert ass nach ëmmer eng Appréciatioun, déi an enger gewëssener Situatioun muss gemaach ginn. Mä ech hätt gär, datt de Stat handlungsfäheg wär, an dofir hu mer dee Projet de loi déposéiert.

Dat Strofmooss ass datselwecht wéi dat, dat mer haut hu bei der Inviolabilité du domicile, an dofir hu mer einfach datselwecht Strofmooss do iwwerholl.

D'Regierung, contrairement zu deem wat haut an enger ganzer Rei vun Zeitunge steet, zitt net hire Projet de loi zréck. D'Regierung leet dëse Projet de loi net op d'Äis, d'Regierung mécht keng Light-versioun vun deem Projet de loi. Et ass e wichtege Projet fir d'Grondrechter hei am Land ze verteidegen. Dës Regierung an ech selwer si fir d'Meenungsfräiheet, fir d'Manifestatiounsrecht, mä et gëtt keen absolut Recht. Rechter hunn ëmmer Grenzen do wou Rechter vun aneren uginn.

D'Regierung preziséiert just am Text dat, wat se elo schonn am Exposé des motifs stoen huet. D'Regierung schreift dee Saz, deen am Exposé des motifs steet. Et ass awer méi schwiereg, well et misst een da vläicht bei e puer honnert Artikelen am Code pénal all Grondrecht ëmmer draschreiwen. Dofir ass et e schwieregen Exercice, mä d'Iddi, déi mer am Exposé des motifs hunn, kucke mer, ob een déi net och kann an den Text dra maachen, mä wann een déi Fro hei stellt, misst ee se am Fong bei alle puer honnert Artikele vum Code pénal stellen. Dat ass, wéi den Här Bodry weess, net méiglech, mä d'Regierung bleift bei der Zilsetzung vun dësem Gesetz an och bei deem Text, esou wéi en do steet. Et ass wichteg fir d'Grondfräiheeten hei am Land. E gëtt esou preziséiert, wéi e schonn am initialen Text am Exposé des motifs beschriwwen ass.

Ech soen lech merci!

M. le Président.- Mir kommen elo zur leschter Fro, der Fro 267 vun der Madame Renée Wagener un den Här Innenminister iwwert d'Androe vun den Ausländner op de Wielerlëschten.

D'Madame Renée Wagener huet d'Wuert.

- Question N° 267 du 28 janvier 2003 de Madame la Députée Renée Wagener relative à l'inscription des personnes non-luxembourgeoises sur les listes électorales

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President, et ass eng ëmmer erëm beléifte Fro, mä dat weist och drop hin, datt de Problem am Laf vun de Jore sech net gebessert huet, nämlech deen, datt mer ganz wéineg Leit bei eiser auslännescher Populatioun hunn, déi sech op de Wielerlëschten aschreiwen.

Mir hunn elo zwee Stechdatumen: Dat eent ass fir d'Europawahlen de Stéchdatum vum 1. Mäerz 2003, respektiv, wann de Projet de loi iwwert d'Loi électorale nach schnell genuch gestëmmt gëtt, den 1. Abrëll 2003, an anerersäits hu mer den 1. Abrëll 2004, de Stéchdatum fir d'Gemengewahlen.

Bei deene virechte Wahlen ass regelméisseg festgestallt ginn, datt méi Sensibiliséierungsaktioune misste gemaach ginn, fir d'Leit ze motivéiere sech anzeschreiwen. Wat d'Europawahle betrëfft ass deen Délai jo scho quasi ofgelaf.

Dofir och meng éischt Fro: Ech wollt wëssen, wat do konkret u Sensibiliséirungsmesure geholl ginn ass? Bei de Gemengewahlen hu mer jo nach e Joer Sputt.

Meng zweet Fro ass: Par rapport zu deenen zwou Zorte vu Wahlen, wat de Minister géif vu folgende Propositiounen halen:

Éischtens, d'Gemengen dozou ze bewegen, datt se alleguerten an de kruzialen Zäite Samschdes hir Büroe géifen opmaachen, fir datt d'Leit sech kënnten aschreiwen.

Zweetens, en nationalen Dag vun der Inscriptioun anzeféieren, esou wéi de CLAE et scho virun enger Rei vu Jore verlaangt hat.

Oder drëttens, e spezifesche Congé anzeféieren, fir déi Leit, déi schaffen, datt se sech kënnen e puer Stonne fräihuelen, fir hir Pabeieren an d'Rei ze bréngen.

Ech soen lech merci!

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Innenminister Michel Wolter.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech géif der Madame Wagener wëlle merci soen, Här President, datt si mer d'Geleeënheet gëtt op e puer Aspekter vun der Aschreiwung vun den Net-Lëtzebuerger op de Wahllëschten anzegoen.

Et ass richteg wéi se gesot huet, datt mer an deenen nächsten Jore mat zwou Échéancen nees befaasst ginn, wat awer Echéancë sinn am Sënn vum Oflafe vun engem permanente Processus. Et muss ee wëssen, datt d'Aschreiwung vun Net-Lëtzebuerger op Wahllëschten näischt ass, wat ee Mount all fënnef Joer stattfënnt, mä datt et eppes ass, wat e permanenten Outil ass, deen den Net-Lëtzebuerger-Matbierger, déi sech wëllen op d'Gemengewahllëschten oder op d'Europawahllëschten aschreiwen, zur Verfügung steet.

En zweete wesentleche Punkt ass deen, datt mer e Projet de loi ënnerwee hunn, dee säit bal engem Joer an der Chamber déposéiert ass, a wou ech hoffen, datt mer am Laf vum Februar nach de Vote an der Chamber kënne maachen, deen d'Konditioune wesentlech wäert änneren, no deene sech Net-Lëtzbuerger op Wahllëschte kënnen aschreiwen.

Pour rappel geet d'Durée de résidence bei de Gemengewahlen, déi haut bei sechs innerhalb vun deene leschte siwe Joer Résidence ass, op fënnef Joer erof, fir gewielt ze ginn, wou een haut zwielef Joer innerhalb vun deene leschten 15 Joer zu Lëtzebuerg huet misse wunnen, geet haut och op fënnef Joer erof, a bei den Europawahlen, wou déi Délaië fënnef Joer innerhalb vu sechs Joer fir d'Wielen an zéng vun deene leschten zwielef fir d'Gewieltginn, ginn och uniform op fënnef Joer erofgesat, esou datt mer, wa mer de Projet de loi hunn, eng wesentlech Reduzéierung vun den Délaien hunn, no deene sech d'Auslänner da kënnen op déi respektiv Wahllëschten aschreiwen.

Dofir huet d'Regierung sech och zesummegesat am Hierscht vum leschte Joer an der Persoun vun der Familljeministesch a mir selwer, fir ze kucken eng Sensibiliséirungscampagne nach eng Kéier ze initiéieren, déi net soll eng si mat engem klengen Akku elo an dann e klengen Akku d'nächst Joer, mä déi sech iwwert d'ganzt Joer vum Mäerz vun dësem Joer bis zum Mäerz vum nächste Joer soll hinzéien, wou mer a regelméissege Periode wëlle probéieren déi auslännesch Matbierger dovun ze iwwerzeegen, wa si et wëllen, wëll dat ass ëmmer d'Grondviraussetzung, an déi muss bestoe bleiwen, sech op d'Wielerlëschte fir d'Gemengewahlen an d'Europawahlen anzeschreiwen.

Mir kënnen a mir wëllen déi Sensibiliséirungscampagne awer net ulafe loossen esou laang wéi mer de Vote an der Chamber hei net hunn, well et net ganz vill Sënn méich fir d'Leit elo mat Délaien ze konfrontéieren, vun deene mer ausginn, datt se sech nach eng Kéier änneren. Mir sinn awer prett, esou bal wéi d'Chamber de Vote vum Projet de loi gemaach huet, fir déi Sensibiliséirungscampagne ulafen ze loossen.

Ech kann lech och dovun informéieren, datt déi, wéi gesot, net mat zwee One-shoten, dëst Joer an dann nach eng Kéier d'nächst Joer, soll lafen, mä iwwert dat ganzt Joer soll eraus gezu ginn, well mer trotzdeem e wesentlech méi breeden Echo erwaarden an erhoffen, wat d'Inscriptiounen op de Gemengewahllëschten ubelaangt.

Mir wëllen eng Broschür éditéieren a fënnef Sproochen, op däitsch, franséisch, englësch, italienesch a portugisesch, an deenen déi nei Bestëmmungen niddergeschriwwe sinn, a mir wëllen iwwer Spoten an deene konzernéierte Radioen, am Kino, am Internet, do am Fong wou déi auslännesch Matbierger, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, sech och selwer renseignéieren, an deene spezialiséierten Zeitungen a Medien op déi Méiglechkeet opmierksam maachen.

D'Madame Wagener huet dann nach dräi konkret Froe gestallt, vun deenen ech der zwou ganz gutt fannen. Déi éischt Fro ass déi: Ob mer d'Gemenge géifen incitéieren hir Büroë speziell eng Kéier opzemaachen. Ech mengen, datt dat interessant wier an där Period, wann elo de Projet de loi gestëmmt ass, well mer da jo bis zum 31. Mee eng ganz Rei vu Leit kréien, déi ënnert déi nei Konditiounen dee Moment géife falen, fir dat effektiv ze maachen.

D'Stad Lëtzebuerg huet d'ailleurs och scho vu sech aus esou eng Mesure annoncéiert, datt se wëlles ass dat ze maachen, an ech froe mech, an ech wäert dat mam President vum SYVICOL an deenen nächsten Deeg och diskutéieren, ob een dat dann effektiv net an en nationalen Dag vun der Inscriptioun kann afléisse loossen, datt déi 118 Gemengen mateneen deeselwechten Dag géifen deen Effort maachen. Ech mengen, dat wier och en Deel vun der Sensibiliséierung, déi jo net nëmme vu staatlecher Säit aus soll geschéien, mä déi och vu Gemengesäit aus soll geschéien, esou wéi dat virun deene leschte Wahle geschitt ass.

Ech mengen dann awer net, datt et sënnvoll wär an datt mer dat och géifen hikréien, fir e Congé spécial extra anzeféieren, duerch déi Reduktioun vun den Délaien, kombinéiert mat enger Ännerung vum Text, déi mer och nach aféieren, datt d'Gemenge sollen am Fong d'Recherche an d'Zukunft maachen. Déi Leit musse jo en Zertifikat bréngen, datt se déi fënnef Joer Résidence hunn. Haut waren dat jo zwielef Joer, respektiv zéng Joer, jee nodeem ob se wollte sech opsetze fir gewielt ze ginn. Fënnef Joer ass en Délai, dee relativ einfach ze retracéieren ass an an deem d'Leit meeschtens an enger, maximal an zwou Gemenge resideiert hunn. Dofir hu mer an den Text och dragesat, datt déi Recherche, déi do soll gemaach ginn, wa méiglech vun de Gemenge sollt effectuéiert ginn, wat eng weider Vereinfachung vun der Prozedur ass, esou datt den Auslänner, dee sech op Wahllëschten hei zu Lëtzebuerg wëllt aschreiwen, summa summarum just nach muss eng Pièce d'identité virweise kënnen. E muss den Noweis erbréngen - wou d'Gemeng ëm awer hëlleft -, datt en déi fënnef Joer hei zu Lëtzebuerg wunnt, an e muss eng Deklaratioun ënnerschreiwen, datt en net am Ausland och e Wahlrecht huet, datt en am Ausland op säi Wahlrecht verzicht.

Dat ass eng Prozedur, déi, an eisen Aen, net zevill contraignant ass, déi sech praktesch an engem Gang op d'Gemeng kann erleedegen, an ähnlech wéi wann een op d'Gemeng geet, wann een d'Wunneng wiesselt oder wann een op d'Gemeng geet, wann ee Problemer huet mat enger Facturatioun, mengen ech, wier et och net zevill verlaangt vun de Leit, wa se sech op d'Gemeng eng Kéier géifen déplacéieren an hirer Aarbechtszäit, niewent hirer Aarbechtszäit, an hirem Congé, oder eventuell dann op deem zukünftegen nationalen Dag vun der Inscriptioun, fir sech op d'Wielerlëschten anzeschreiwen.

Ech entschëllege mech dofir, dass ech e bësse méi laang geschwat hunn a soen lech merci.

M. le Président.- Et ass gutt fir dës Kéier. D'Wuert huet elo den Här Jean-Pierre Klein fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

## 5. Dépôt d'une proposition de loi

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Merci, Här President. Här President, ech erlabe mir, fir eng Proposition de loi ze déposéieren iwwert d'Indemnisatioun vun de Presidente vun den Offices sociaux.

*- Proposition de loi 5086 portant modification de la loi communale du 13 décembre 1988*

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun der Proposition de loi duerch de Kolleeg Jean-Pierre Klein. Si gëtt weidergeleet un de Statsrot.

D'Wuert huet elo d'Madame Renée Wagener fir den Dépôt vun zwou Motiounen.

## 6. Dépôt de deux motions par Madame Renée Wagener

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Ech wollt zwou Motiounen déposéieren, déi eng iwwert d'Ënnerstëtzung vum Stat vun der historescher Recherche iwwert den Zweete Weltkrich an déi zweet zur Récupératioun vun engem Fichier iwwer lëtzebuergesch Krichsgefaangener zu Moskau.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés*

*- considérant que le grand intérêt du public pour l'exposition „Verbrechen der Wehrmacht" a démontré une nouvelle fois le besoin de la société luxembourgeoise de se pencher sur tous les aspects de l'histoire de la 2e Guerre mondiale;*

*- considérant que l'initiative de montrer cette exposition à Luxembourg s'inscrit dans l'éventail des tentatives d'un élargissement de la recherche historique;*

*- considérant que le sujet des Luxembourgeois dans la Wehrmacht n'est qu'un des éléments que l'historiographie luxembourgeoise sur la 2e Guerre mondiale se doit d'analyser;*

*- considérant que jusqu'ici, les instruments créés ou soutenus par l'Etat dans le domaine de la recherche et de la documentation de la 2e Guerre mondiale concernent essentiellement la mémoire de la Résistance luxembourgeoise;*

*- considérant qu'il est du devoir de l'Etat luxembourgeois de se donner les instruments pour une recherche aussi complète et large que possible sur la 2e Guerre mondiale, qui ne se limite pas au fait de la Résistance;*

*invite le Gouvernement*

*- à mettre en place des structures scientifiques de recherche historique aptes à étudier la 2e Guerre mondiale dans toute son étendue et sous toutes ses facettes;*

*- à pourvoir ces structures des moyens financiers et des ressources humaines nécessaires;*

*- à étudier les possibilités d'intégrer dans le concept de la nouvelle Université de Luxembourg le domaine de la recherche historique sur la 2e Guerre mondiale et plus généralement sur l'histoire du 20e siècle.*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

***Motion 2***

*La Chambre des Députés*

*- considérant que presque soixante ans après la 2e Guerre mondiale de nombreux cas de personnes déplacées et d'enrôlés de force luxembourgeois disparus – notamment en Europe de l'Est – restent non élucidés;*

*- considérant qu'à côté de l'intérêt de la recherche scientifique sur la 2e Guerre mondiale, il importe d'assister les personnes désireuses de faire des recherches personnelles sur le sort des membres de leur famille disparus;*

*- considérant qu'un fichier contenant les dossiers de plus de mille personnes déplacées et enrôlés de force qui sont devenus prisonniers de guerre luxembourgeois existe dans les services historiques de l'armée russe à Moscou;*

*- considérant que les archives russes qui détiennent ce fichier sont entre-temps accessibles;*

*- considérant que d'autres gouvernements d'états membres de l'Union européenne ont déjà procédé à des rapatriements voire copies de dossiers analogues;*

*- considérant qu'une mission dans ce sens avait été mise en marche par le gouvernement luxembourgeois en 1994 mais semble avoir eu un caractère limité;*

*invite le Gouvernement*

*- à prendre les mesures qui s'imposent pour obtenir une copie du fichier en question et pour le rendre accessible au public concerné;*

*- à mettre en place les instruments et les ressources humaines nécessaires à une traduction du russe et à une évaluation scientifique de ces dossiers;*

*- à créer un service d'assistance aux personnes désireuses de lever le voile sur le sort des membres de leur famille disparus pendant la 2e Guerre mondiale.*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

M. le Président.- Déi Motioune gi weidergeleet un déi zoustänneg Kommissiounen.

Mir fueren da weider mat eisem Ordre du jour. Mir kommen zur Interpellatioun vum Kolleeg Georges Wohlfart iwwert d'nohalteg Entwécklung vum Éislek. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Loes, Calmes, Gira, Schank an d'Madame Durdu. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorablen Här Georges Wohlfart.

## 7. Interpellation de M. Georges Wohlfart au sujet de la politique du Gouvernement concernant le développement de la région Nord du Grand-Duché

M. Georges Wohlfart *(LSAP), interpellateur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn déi Interpellatioun vun de Mëtteg ugefrot, well ech der Meenung sinn, dass déi zukünfteg Entwécklung vun onsem Land am Kader vum Aménagement général du territoire all Géigende vu Lëtzebuerg soll abezéien. Dat dierft, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei enger Gesamtfläch vun 2.500 km$^2$, wouvun den Norden eppes méi wéi 40% ausmécht, och keng Saach vun der Onméiglechkeet sinn.

Et ass net meng Absicht de Mëtteg op all Fro gestallt vu mir oder vun de Kolleegen, déi no mir schwätzen, vun der Regierung eng Äntwert ze kréien, och net op all Suggestioun, déi mer maachen. Ech gesinn et vill méi als Denkustouss, fir dass mer an Zukunft kënnen Iddien, déi de Mëtteg hei am Plenum ausgeschwat ginn, an deene verschiddene Chamberkommissiounen an ons Aarbechte mat afléisse loossen, fir eventuell am Enn vum Joer an enger Orientéierungsdebatt dann déi Schlussfolgerungen ze zéien, déi noutwenneg sinn, fir den Norden op d'Zukunft virzebereeden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deene leschte Joren a Méint si ganz vill Diskussioune gefouert ginn an et ass vill geplangt ginn am Süde vum Land. Nei Bestëmmungen, zum Deel ganz interessant Bestëmmungen, iwwert d'Industriebroochen, déi dëser Géigend sollen nei Impulser ginn, si virgesinn. Ech wëll net am Detail heirop agoen. Ech mengen, dat géif éischtens de Kader vun der Interpellatioun sprengen an zweetens sinn d'Kolleeginnen a Kolleegen am Süden do besser gestallt wéi ech, fir iwwert dës Problematik am Detail ze diskutéieren.

Ech wollt dozou just bemierken, dass ech voll a ganz mat deenen Zilsetzungen do d'accord sinn, well se fir dës Géigend vum Land sécherlech eng Rei Zukunftsperspektiven opmaachen, déi eng reell Chance fir de Süden duerstellen. Et huet keng Biergerinitiativ missen op de Plang geruff ginn, fir dëse Propositiounen Nodrock ze ginn, se ze ënnerstëtzen, an dat ass a mengen An och gutt esou.

Anescht, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, huet et an deene leschten zwanzeg Joer mat deem engen oder anere wichtegen Infrastrukturprojet fir d'Nordregioun ausgesinn, ouni dass ech - an dat wëll ech direkt soen - wéilt verleechnen, dass munches sech am Norden am Positive beweegt huet - ech wäert am Laf vu menger Interpellatioun dorop zréckkommen -, mä ech muss feststellen, dass zum Beispill den 8. Juni 1980 eng Manifestatioun zu Ëlwen vun der Aktioun Nordstreck, dat waren deemools d'Nordgemengen an de Landesverband vun den Eisebunner, iwwer 6.000 Leit op de Plang geruff hat, fir fir d'Erhalung, d'Moderniséierung an d'Elektrifizéierung vun der Eisebunnstreck Ettelbréck-Ëlwen-Gouvy ze demonstréieren.

Dës Eisebunnsstreck ass, menger Meenung no, eng liewenswichteg Infrastruktur fir d'Leit aus dem Norden, eleng wann ee kuckt wéi vill Pendler all Moien aus dem Norden an aus aneren Deeler vum Land mat dësem Transportmëttel schaffe fueren. Et sinn der 6.700, ouni dobäi d'Schüler ze vergiessen, déi mer op déi eenzel Lycéeë brénge. Si ass fir d'Leit aus dem Norden eng ganz wichteg Infrastruktur a se war en éischte Schrëtt, fir déi jorzéngtelaang Ofwanderung aus dem Éislek ze stoppen.

Duerno 1992, ech mengen et war am Mäerz, koum et zur Demonstratioun vun de gewielte Volleksvertrieder aus der Nordregioun virun dësem héijen Haus. Si hunn domat hir Ënnerstëtzung zum Ausdrock bruecht, wat de Bau vun der Nordstrooss ugeet. Och wann ech der Meenung si wéi anerer, dass doduerjer net all d'Problemer vum Norde geléist sinn, mengen ech awer, dass et am Gesamtpuzzle fir den Norden e wichtegt Element fir seng zukünfteg positiv Entwécklung duerstellt.

Déi lescht Demonstratioun am Juli 2001: Zu Wolz hu sech d'Gewerkschaften, d'Gemengen, d'Vertrieder vun de Schoulen an d'Schoulkanner zesumme fonnt, fir d'Erhalen an den Ausbau vun der Streck Kautebaach-Wolz an den Aménagement vun der Gare zu Wolz ze demonstréieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, unhand vun dëse Beispiller ass et, menger Meenung, no liicht nozevollzéien, dass an deem engen oder aneren Dossier méi Asaz oder méi Nodrock verlaangt war, wa mer am Norden no verschiddenen Infrastrukture gefrot hunn. Ech wéilt wéi gesot dës Interpellatioun als éischten Denkustouss gesinn. Ech hoffen, dass mer de Mëtteg eng positiv, konstruktiv an oppen Diskussioun kënne féieren.

D'Bevölkerung huet glécklecherweis no der Ofwanderung, déi bis Mëtt den achtzeger Joren ugehalen huet, an deene leschte Joren en erfreelechen Opschwong kannt. Ech wéilt dozou d'Zuele vun der Vollekszielung vun 1991 respektiv 2001 uféieren. Am Norden hunn 1991 56.895 Leit gewunnt. 2001 waren et der 67.487. Wann ech elo gutt gerechent hunn, dann ass dat en Zouwuess vun 10.592 Persounen. Dat entsprécht in etwa der heiteger Bevölkerungszuel vum Kanton Klierf. Dat ass en Zouwuess, wa mer en a Prozenter ausrechnen, vun iwwer 18,6%, deen domat däitlech iwwert dem Landesduerchschnëtt vu 14,3% läit. Den Undeel un der Gesamtpopulatioun hei zu Lëtzebuerg ass domadder am Norde vu 14,8% op 15,4% an d'Luucht gaang. En Trend an eng Tendenz, déi iwwregens zënter 2001 weider unhalen. Dat beweist, dass mer am Norden um richtege Wee sinn.

Här President, ech ka mech nach gutt drun erënneren, an ech mengen Dir och, dass Dir als zoustännege Minister fir de soziale Wunnengsbau Mëtt der achtzeger Joren eng Initiativ geholl hutt, fir de gesamte Kanton Klierf beim soziale Wunnengsbau als eng Gemeng ze betruechten. Dat heescht, et war esou schlëmm, dass déi kleng Gemengen net genuch Interessente fonnt hu fir de soziale Wunnengsbau, sou dass am Fong geholl de ganze Kanton konnt considéréiert ginn. Esou konnt eng ganz Rei Leit an de Genoss vun deene staatlechen Hëllefe kommen. Dat war eng Saach, déi duerchaus positiv war.

Och um Niveau vun den Industriezonen huet sech zu deemselwechten Zäitpunkt de Robert Goebbels ervirgedoen an huet innovéiert, andeem hien déi sou genannt regional Industriezonen agefouert huet. Zum Beispill fir d'Gemengen aus dem Klierwer Kanton war dëst besonnesch wichteg. Net nëmmen, well hei 85% vun den Infrastrukturkäschte vum Stat iwwerholl gi sinn, well et zu enger regionaler, interkommunaler Zesummenaarbecht komm ass, mä well et fir d'éischt méiglech war, souwuel Industriebetriber wéi Betriber vun Handel an Handwierk kënnen unzesiedelen, wat bei där fréierer Konstellatioun, op där enger Säit national Industriezone fir d'Industriebetriber, op där anerer Säit kommunal Zone fir Handel an Handwierk, net méiglech war.

Do derniewent huet den Zesummeschloss vun enger ganzer Rei vu Syndikater op Gemengenniveau bewisen, dass eng ganz Rei vu Gemengeverantwortlechen schonn deemools hir Responsabilitéit iwwerholl haten an net nëmmen op d'Hëllef vum Pappa Stat gewaart hunn. Dat muss ee positiv ervirsträichen. Eng ganz Rei vun interkommunalen a regionale Syndikater sinn doduerch entstan.

All dës Initiativen, déi ech elo opgezielt hunn, hunn e positiven Trend mat sech bruecht, deen een nëmme begréisse kann, mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Mëdail huet wéi ëmmer zwou Säiten. Dat heescht an dësem Fall, dass nei Problemer mat dem Uwuesse vun der Bevölkerung op ons duerkommen, wat d'Infrastrukturen, d'Liewensqualitéit, den Ëmweltschutz, d'Aarbechtsplazen an d'Ausbildung ugeet. Do gëtt et eng Rei Léisungen, déi op der Zäitachs ganz schnell musse geléist ginn.

Thema Infrastruktur: D'Nordstreck, a mir schwätzen hei vun Eisebunn, d'Fuerderung vum zweegleisegen Ausbau vun der Streck, do wou et technesch méiglech ass, duerf an Zukunft keng Utopie sinn. Ech hu virdrun op déi grouss Zuel vu Pendler a Schüler higewisen, déi zu Dausenden op dës Infrastruktur ugewise sinn. Datselwecht gëllt fir den Ausbau a Verbesserunge vun der Streck Kautebaach-Wolz.

Fir de Schüler- a Pendlertransport sinn dës Investitioune sënnvoll an néideg, mä ech géif souguer behaapten, dass se och fir de Giddertransport hir Bedeitung hunn, well och d'Betriber an Zukunft kënnen iwwert d'Eisebunn hir Produkter féieren.

Am allgemengen ënnerstëtze mir als LSAP weider d'Initiativen, wat den Ausbau vum öffentlechen Transport ugeet. Ech mengen, dat ass eng Noutwendegkeet, wann ee wëllt an deenen nächste Joren d'Zuel vun de Leit, déi Pendler sinn, an d'Zuel vun de Grenzgänger vun 10% op 25% eropsetzen, wat d'Benotzung vum öffentlechen Transport ugeet. Da weess een, dass een do een ambitiéise Projet huet. Mä op jidde Fall ass et aus enger ganzer Rei vu Grënn, an net nëmme vu Sécherheet mä och vun nohalteger Entwécklung, eng Saach déi voll a ganz ze ënnerstëtzen ass. Hei sinn - dat muss een och soen - eng Rei vun éischten Initiative geholl ginn. Wéi gesot, ons Fraktioun ënnerstëtzt all aner Initiativ an der Verbesserung vum öffentlechen Transport.

De Stroossebau dann: De Robert Goebbels huet, wéi mer en Deel vun der Nordstrooss ageweiht hunn deemools um Friedhaff, gemengt, de Friedhaff wier den Ufank vun der Nordstrooss. Ech stelle fest, dass mer vum Friedhaff un tatsächlech haut eng gutt Verbindung bis an d'Stad hunn. Mä op där anerer Säit hu mer nach ëmmer 35 km bis op déi belsch Grenz, wou mer 16 km - wann ech gutt gerechent hunn - nach ëmmer zweespureg duerch siwen Uertschafte fueren.

D'Zuel vun den Autoen, déi dagdeeglech an onst Land erafueren - an hei Här President, Dir Dammen an Dir Hären, schwätzen ech net vun deene Leit aus den Nopeschlänner déi Client si bei onse Supermarchéen an Tankstellen, mä vun deenen déi op Lëtzebuerg schaffe kommen, respektiv bis an d'Stad erof schaffe kommen -, ass an de leschte Jore förmlech explodéiert. Véier mol esou vill Autoe wéi nach 1980, sou weisen d'Schätzunge vun de Ponts et Chaussées et aus. Dobäi fale virun allem déi permanent steigend Zuele vu Camionnettë vu belschen Entreprisen op. Kee Wonner, wann ee weess wéi grouss den Undeel vun onsen Noperen zum Beispill an der Baubranche hei am Land ass.

Do derniewent verdingen ëmmer méi Grenzgänger hiert Brout an de Lëtzebuerger Kleng- a Mëttelbetriber aus dem Norden, virun allem am Handel an am Handwierk, eleng an der Sispolo-Gemeinschaft, dat heescht d'Gemenge Konstem, Housen, Houschent a Pëtscht, sinn eng 350 Aarbechtsplazen an de Mëttel- a Klengindustrië vum Handel, dovun eleng fir iwwer 200 Grenzgänger.

Kee Wonner also dass vill Leit an ëmmer méi Leit en Ubannen un dat belscht, däitscht Autobunnsnetz fuerderen. Mä hei, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, stellt sech fir mech déi kruzial Fro: Muss dat oder soll dat onbedingt eng Autobunn sinn?

Ech mengen, dat muss ee sech ganz gutt iwwerleeën, wann ee weess, dass doduerch en zousätzlech schwéiere Camionsverkéier kënnt duerch d'Nordregioun transitéieren. Aner Kolleegen heibanne wëssen, wat dat un Nuisancë mat sech bréngt an och Problemer, mä op jiddfer Fall muss am Interessi vun der Sécherheet an der Liewensqualitéit vun de Leit eng Léisung fonnt ginn, déi zumindest de Verkéier aus den Uertschaften auslagert. Dat ass ganz kloer. Mir kënnen net weider 20.000 Autoen an de Spëtzestonnen duerch déi siwen Uertschafte fuere loossen. Dat liicht jiddferengem heibannen an.

Zweet Stéchwuert, Här President, sinn d'Schoulinfrastrukturen. Ech wollt aus Zäitmangel net op de Primaire, Préscolaire a Précoce agoen, wou d'Gemenge grouss Efforte maachen, dat muss een ënnersträichen, an dat ganz oft op interkommunaler Basis, fir där steigender Nofro nozekommen. Um Niveau vum Secondaire sinn eng Rei Bemierkungen awer ze maachen.

Éischt Feststellung: Hei steet d'Entwécklung vun de Schoulinfrastrukturen net méi a Relatioun mat dem Zouhuele vun der Awunnerzuel. Et kann een dovun ausgoen, dass bis 2010, an dat si knapps siwe Joer, méi wéi 2.500 Plaze wäerte feelen. Et gëtt eng Zuel genannt vun 2.611. Wéi ee genau op 2.611 kënnt, dat entzitt sech elo - Här Minister, dat muss ech Iech éierlech soen - menge Kenntnisser. Mä wa mer wëssen, wéi vill Joer mer am Duerchschnëtt brauche vun der Planung bis zum Bau an doriwwer eraus bis zum Fonctionnéiere vun engem Lycée, dann ass dës Zäitspan op jidde Fall net allze laang.

Zweet Feststellung: De Lycée fir de Réidener Kanton ass eng gutt Saach. Et ass net nëmmen eng gutt Saach fir déi Leit, déi do wunnen, mä virun allem fir déi 1.200 Studenten aus dem westlechen Deel vun der Nordregioun. Et passt och an d'Konzept vum Aménagement du territoire. Méi kuerz Transportweeër, also Zäitgewënn fir d'Schüler, manner Verbrauch vu Sprit. Dat alles ass am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung.

Drëtt Feststellung: De Lycée fir de Klierfer Kanton ass och scho méi laang am Gespréich. Et ass elo eng nei Iddi opkomm, déi ech net kann am Detail novollzéien, wat d'Organisatioun an d'Realisatioun dovu betrëfft. Dat ass deen europäesche Lycée an der Nordspëtzt. Meng Hoffnung ass, ob mer en europäesche Lycée kréien oder en normalen technesche Lëtzebuerger Lycée mat engem kompletten Ugebot wat d'Palette vun der Ausbildung ugeet, dass mer net sollen onnéideg Zäit verléieren, wann et ëm de Site geet.

Natierlech - ech wollt elo nach eng Bemierkung ubréngen, Här President - erliichtert de Fait, dass de Ministère de l'Education nationale net déi richteg Zuel vun de Kanner aus de Primärschoule kennt, net onbedingt d'Virbereedungsaarbechten. Ech hat virun zwee Joer an enger parlamentarescher Fro drop higewisen, dass et kënnt am Klierfer Kanton och zum Bau vun engem Lycée kommen. Du krut ech als Äntwert, d'Schülerzuel géif dat net ausweisen. De Ministère, an ech maachen do keng Scholdzouweisung, ass vun enger Kannerzuel vun 800 an eppes ausgaangen. Déi effektiv Kannerzuel am Klierfer Kanton an der Primärschoul läit awer bei 1.187. Ech mengen, wa mer schonn do ufänken, dass mer déi Zuelen net hunn, déi mer brauche fir richteg ze plangen, dann ass dat net onbedingt ganz stimulant.

Nächst Feststellung: De Lycée technique agricole ass a bleift bei der Schoulinfrastruktur den Dauerbrenner. Ech mengen, ech hunn heiansdo d'Impressioun, dass do den Hond sech an de Schwanz bäisst. E leeft am Krees ronderëm a mir kommen einfach net vum Fleck. Ech ka just bedaueren, dass deen interministeriellen Aarbechtsgrupp, deen do op d'Bee gesat ginn ass, fir am Fong geholl ze kucken, wat d'Besoine fir deen neie Lycée technique agricole sinn, zanter Joren net méi zesumme komm ass. Ech wëllt nach just nach de Lycée technique hôtelier pour mémoire erwähnen.

Eng fënneft Fro ass: Wou kënnt dann deen neie Lycée stoe wat de Raum Nordstad ugeet? Dat si Saachen, déi mer hei mussen undiskutéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir haten den 9. Oktober, wann ech gutt am Bild sinn, hei am Haus de Projet de loi iwwert de Fënnefjoresplang vum Sport. Am Kader vun deenen Diskussiounen ass eng Motioun vun deene gréng Kolleegen erakomm, déi sech mat deem akute Mangel u Schwamminfrastrukturen am Norde befaasst huet. Et kann dach net sinn, dass mer d'Kanner aus Lëtzebuerger Gemenge mussen op Bitburg an esou viru schécken, fir dass se kënne schwamme léieren. Dat ass och ee vun den akute Punkten, dee mer behiewe mussen.

***(Interruption)***

Jo, dat weess ech, mais il n'est jamais trop tard pour bien faire.

***(Interruption)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt mech net bei de Schoulinfrastrukture weider ophalen. D'Aarbechtsplazen an d'wirtschaftlech Entwécklung sinn en anert Thema, wat fir d'Nordregioun ganz wichteg ass. An hei virop e Wuert iwwert d'Industriebroochen zu Wolz a Veianen.

Gemiess un de Flächen am Süden hëlt dës sech relativ bescheiden aus. Ech schwätzen hei vun 10, 12 Hektar. Mä am Kader vun enger weiderer Diversifikatiounspolitik wat d'Industrien ugeet, si se wichteg fir déi zwou kantonal Haaptstied Veianen a Wolz. Heizou folgend Froen. Mir wëssen alleguer, dass mer e Problem hu vun Entsuergung. Wéi wäit sinn do - ech brauch also, wéi gesot, Här Minister, net de Mëtteg eng Äntwert dodrop -, d'Verhandlungen tëschent deenen eenzelne Partner? Op där enger Säit ass et zu Wolz de Syndikat Wolz-Wanseler an de Stat an dann op där anerer Säit d'Euroflor. Zu Veianen ass et d'Gemeng an op där anerer Säit déi fréier Electrolux. Wéi wäit ass dat fortgeschratt? Wéi héich sinn d'Subventioun vum Stat fir d'Entsuergung vun deenen zwee Siten?

Ech wollt an deem Kontext e Stéchwuert nach opgräifen. Dat ass d'Stéchwuert SICLER. Dat ass de Syndikat vum Klierfer Kanton. Zanter dass dëse Syndikat an d'Liewe geruff gouf, kann ee vun enger Erfollegstory schwätzen. Dat ass net iwwerdriwwen.

Am Laf vun de Jore konnten déi eenzel Sitë mat neien, zum Deel ganz innovative Betriber besat ginn. An niewent dem onermiddlechen Asaz vum Vertrieder vum Syndicat selwer, war et a mengen Ae virun allem de Guichet unique, deen e wichtege Partner war, virun allem fir Handels- an Handwierksbetriber, well hie mat senger berodender Funktioun a Kompetenz konnt zum Beispill bei administrativen Démarchen esou munche Steen aus dem Wee raumen.

Ëmsou méi, mengen ech, war d'Enttäuschung grouss, wéi virun 1? Joer dee Guichet unique sollt begruewe ginn, wann ech dat esou salopp däerf formuléieren. Ech si frou an ech fannen et begréissenswäert, dass déi zwee Naturparken zesumme mat SICLER an der Industriezon Wolz/Wanseler fir d'Zukunft eng nei Léisung fonnt hunn, andeem se de Guichet unique erëm aféieren. Si verlaangen zwee Euro pro Awunner, wat am Fong geholl d'Participatioun un deem Guichet unique ugeet, deen zu Klierf soll ugesiedelt ginn. Hei waarde mer nach ëmmer op d'Reglement, dat soll am Kader vum Développement rural geholl ginn, dass bis zu 50% vum Stat kënne subventionnéiert ginn.

Dann de ländleche Raum.

Wéi de Frënd Alex Bodry d'Iddi vun den Naturparken Öewersauer an Our virun enger Rei Jore konkret lancéiert huet, huet sech mengen Erënnerungen no d'Begeeschterung bei ville Leit zumindest a Grenze gehalen, fir net méi ze soen. Och deemools ass eng wäitgefächert Campagne gefouert ginn iwwert dee berühmte Waasserfrang

Ech hunn an deene leschte Méint a Joren näischt méi vum Waasserfrang héieren. Et ass och gutt esou, dass e verschwonnen ass.

***(Interruption)***

Ech maache mer net ze fréi Hoffnungen. Ech mengen, Här Minister, Dir huet jo Zäit fir zum Waasserfrang nach Stellung ze bezéien.

Wann een haut d'Entwécklung kuckt, da stellt ee fest, dass de Courage vun deene Responsablen, déi vun Ufank un un d'Iddi gegleeft hunn a sech fir d'Iddi staark gemaach hunn, sech ausbezuelt huet. Dat ass ganz kloer. An ech mengen, eng ganz Rei vun Aktivitéiten, virun allem am kommerzielle Beräich, konnten entwéckelt ginn a sinn net méi ewech ze denken.

D'Qualitéitsprodukter hunn hir fest Plaz beim ëmweltbewosste Konsument fonnt. Wat hei, menger Meenung no, muss an Zukunft nach méi konsequent op eng professionell Aart a Weis ausgebaut ginn, dat ass de Marketing. Dat ass ganz kloer, well den zukünftegen Erfolleg steet a fält mat engem gudde Marketing. Dat ass och eng Méiglechkeet, fir nach méi eng grouss Zuel vu Verbraucher fir dës Produkter ze erreechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer am Juli 2001 kuerz virun der Summervakanz en neit Agrargesetz gestëmmt hunn, louchen déi groussherzoglech Reglementer nach net vir, déi sech mat der Entwécklung vum ländleche Raum sollte befaassen. Ech stellen haut fest an deem Kontext, dass eng Motioun vun onser Fraktioun, déi den zoustännege Minister opgefuerdert huet dës Reglementer an deene beschten Zäitdélaie virzeleeën, ofgelehnt ginn ass mam Argument, ons Motioun wier iwwerflësseg. Dat Wuert superfétatoire ass gebraucht ginn. Ech muss haut feststellen, dass déi Leit zënter méi wéi annerhallewem Joer zum Beispill am Kader vun der Grënnung vun enger Pépinière d'entreprises op déi staatlech Hëllefe waarden am Beräich Berodung. Ob déi och nach haut der Meenung sinn, dass et iwwerflëssig war, dat, Här President, woen ech zumindest awer ze bezweifelen.

Ech mengen, wat d'Landwirtschaft selwer ugeet, esou hate mer, Här President, hei an der Chamber virun zwee Joer eng breet ugeluechten Unhéierung vun allen interesséierten Acteuren aus dem agroalimentaire Secteur iwwert den Thema Liewensmëttelsécherheet. D'Zil war et, Schwaachstellen an der Produktioun an an de Vermaartungsketten opzedecken an ze versichen am Intérêt, esouwuel vum Produzent, dat heescht vum Bauer, wéi och vum Konsument eng Rei Verbesserungen duerchzezéien.

Ech bedaueren haut, dass d'Iddi vum roude Punkt - de ganze Produktiounsoflaf gëtt heibäi iwwerpréift - net zréckbehale gouf, an dass eng Baueregewerkschaft da seet, et géif erëm jiddfereen a sengem Eck fir sech e bësse schaffen, mä deen Elan, dee mer deemools haten, ass, menger Meenung no, verluer gaangen. Datselwecht gëllt fir dem Frënd Ben Fayot seng Proposition de loi iwwert d'Schafung vun enger Lëtzebuerger Agence vun der Liewensmëttelsécherheet. Niewent deene sachlechen a fachlechen Argumenter, déi fir en onofhängege Gremium plädéieren, hätt sech d'Méiglechkeet erginn, fir och am Raum Dikrech/Ettelbréck duerch d'Usiedelung - dat muss net haut a muer sinn, mä an der Zukunft - vun esou enger Agence eng Rei wëssenschaftlech interessant Aarbechtsplazen ze schafen.

Här President, den Tourismus bleift e wichtege Pilier an der Ekonomie vun onsem Land am allgemengen an deem vum Éislek am Besonneschen. Net nëmmen 12.000 Leit schaffen hei an deem Secteur, mä den Tourismus bréngt och mat sech, dass ganz vill Geld am Land bleift. D'Saison 2002 war ausserguewéinlech gutt, an ech géif mengen, och fir d'Éislek zefriddestellend. Esou heescht et aus interesséierte Kreesser.

Esou wäit, esou gutt, mä d'Land huet net all Joer grouss Evénementer wéi den Départ vum Tour de France, an och net, a méi bescheidenem Kader, e Victor Hugo-Joer.

Wann ee sech de Rapport vum ONT ukuckt, stellt ee fest, dass an deene leschte Jore méi Professionalismus an d'Vermaartung vum Produkt Lëtzebuerg eragefloss ass. Dat ass sécherlech ze begréissen, mä d'Haaptuleies bleift awer menger Meenung no d'Ausweidung vun engem Qualitéitstourismus op d'ganzt Joer an iwwert d'ganzt Land. Do muss den Hiewel ugesat ginn. Hei spillt ënner anerem och de Klima eng ganz grouss Roll. Loosse mer ons do näischt virmaachen, do si mer par rapport zu aneren Destinatiounen e bësse benodeelegt.

An dësem Kontext sinn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deene leschte Joren a Méint zum Deel ganz passionéiert Diskussioune gefouert ginn, wat fir eng Infrastrukture mer dann elo bräichten, fir dass mer kënnten zu Lëtzebuerg de Ganzjorestourismus substanziell ausbauen. Ass dat eng iwwerdeckte Schipiste? Oder ass et, wéi aner Leit mengen, en Erliefnisbad, wou d'Gemengen all dovu kënnte profitéieren?

Mir mussen hei gutt oppassen. Ech ginn a priori net negativ un e Projet erun, mä wann ech en dann ënnersichen, an ech mengen, do ass den Här Minister mat mer d'accord, da musse konkret a stéchhalteg Zuelen um Dësch leien. Et geet net nëmmen ëm den Invest, et geet och ëm Froe wéi Nofolgekäschten. Et geet ëm Froe wéi Ëmweltbelaaschtung. Et geet ëm Froen, wéi gesäit et mat dem Energieverbrauch an doduerch mat der Facture Energie aus. Ech wollt just froen, ob d'Regierung offiziell mat engem Projet an där enger oder anerer Richtung befaasst ass?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, uganks vu menger Interventioun hat ech op déi relativ heefeg Zesummenaarbecht vun de Gemengen an enger ganzer Rei vu Syndikater an alle méigleche Beräicher higewisen. Verschidde Gemenge wëllen an Zukunft anscheinend iwwert dee Kader vun de Syndikater eraus zesumme schaffen, dat heescht, duerch eng fräiwëlleg Fusioun hir Geschécker zesummeleeën. An deem Kontext wollt ech vum Här Innneninister wëssen, wéi wäit dann d'Virgespréicher tëschent deenen eenzelne Gemenge fortgeschratt sinn? Op där enger Säit hu mer jo Bastenduerf, Fouren, wou, wa meng Renseignementer richteg sinn, soll vun 2006 un eng Fusioun op d'Bee kommen. Dann hu mer Klierf, Hengescht a Munzen, wou en anere Stéchdatum, 2012, emol an d'A gefaasst war. Dann Eschweiler, Kautebaach a Wëlwerwolz. Da Konstem, Pëtscht , Houschent an Housen, wou ech awer weess, dass deen een oder deen aneren net ganz begeeschtert ass, oder deen een oder deen aneren an der Tëschenzäit scho kal Féiss kritt huet.

Doniewent wier ech frou, wann ech vum Här Minister kënnt gewuer ginn, wéi dann elo déi Kritären, déi pro Awunner sollen als Dott - entschëllegt de saloppen Ausdrock, Här Minister - mat an dat Bestietnes bruecht ginn, bei de Fusioune festgeluegt goufen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter enger Rei Jore gëtt et de Begréff vun der Nordstad, déi momentan mat der Périphérie eng Awunnerzuel vun iwwer 28.000 Awunner huet. Dat sinn der, mengen ech, esou vill oder e bësse méi wéi Esch. An de leschten zéng Joer huet do d'Bevölkerungszuel iwwer 15% zougeholl. Hei hu mer deeselwechte Phenomeen wéi bei enger Stad vun der Gréissenuerdnung vun Esch. Mir hunn d'Infrastrukture wat d'Schoulen ugeet. Mir hunn Infrastrukture wat d'Kliniken ugeet. Mir hunn Transportprobleemer. Hei mussen an deenen nächste Joren Neel mat Käpp gemaach ginn.

ler mer awer dozou kommen, wëll ech eng aner bemierkenswäert Feststellung nach lassginn. Dat ass, dass méi wéi 60% vun den Awunner aus der Nordstad eng Aarbechtsplaz fannen innerhalb vun där Regioun, wat fir den Norde ganz wichteg ass. Dat ass eng Saach iwwert déi mer ganz frou kënne sinn.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Et sinn net déi Dausenden, déi an d'Stad fueren, wéi ëmmer behaapt gëtt. 75% fannen eng Aarbechtsplaz an der Nordstad selwer.

M. Georges Wohlfart *(LSAP), interpellateur.*- 60% hunn ech gesot. Hutt Dir vläicht aner Zuelen? Mä loosse mir ons net driwwer streiden. Dir sidd vläicht nach e bësse méi optimistesch wéi ech. Dës positiv demographesch Entwécklung bréngt awer eng Rei vu Problemer mat sech.

D'Zuel vun de Bauplazen ass begrenzt, dat wësse mir, wéinst den topographeschen Ursaachen, déi mir kennen. Och Transport- a Verkéiersproblemer sinn eng Realitéit. Ech mengen, wat op jidde Fall prioritär misst si fir d'Nordstad, dat ass e kohärent Konzept a Saache Verkéier an Urbanismus. Ech kënnt mir virstellen, datt mir an deenen nächste Méint mat den interesséierte Gemengen an zesumme mat de concernéierte Ministèren op de Wee géife goen, fir eis ze concertéieren a fir dann och Virschléi op den Dësch ze leeën.

D'Schafe vun enger Handwierks- an Handelszon um Friedhaff, déi jo scho laang am Gespréich ass, dierft dann elo, nodeem de Problem vun de PAKen aus dem Wee geraumt ass...

***(Interruption)***

Voilà, mä Dir hutt ons jo berouegt mat Ären Aussoen, datt dee Problem kënnt geléist ginn. Ech menge fir d'Gemeng Dikrech wier dat eng wichteg Ugeleeënheet.

Et gëtt och geschwat, fir e regionalen Zenter fir Feierschutz a Sauvetage op d'Been ze stellen. Eng drëtt Iddi, déi ech ganz gutt fannen, dat ass déi vun enger Rei Gemengen: Dikrech, Ettelbréck, Ierpeldeng a Bettenduerf, fir e regionale Jugendzentrum um Gebitt vun der Nordstad ze schafen. Dat ass begréissenswäert, well et ass d'Jugend, déi am Fong geholl ons wäert héllefen déi lescht Awänn géint e verstäerkt Zesummeschaffen an der Nordstad ofzebauen. Duerfir ass d'Jugend, a mengen An, onbedéngt an d'Zukunftsplanung vun der Nordstad mat anzebannen.

Ech hu mir soe gelooss, dass déi zwee lescht Projete kënnte realiséiert ginn, mä dass d'Gemenge sech e bësse méi Hëllef vum Stat erwaarden, wat déi finanziell Belaaschtung ugeet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e lescht Wuert wéilt ech dann am Kader vun dëser Interpellatioun iwwert d'nohalteg Entwécklung am Norden der Dezentraliséierung vun de Verwaltunge widmen.

Ech sinn der Meenung, dass och hei muss eng Kéier den Norde berücksichtegt ginn. Et gëtt oft geschwat, dass een dat nach ze schafend Waasserwirtschaftsamt sollt an der Nordregioun usiedelen. Et wieren dat eng 60 Aarbechtsplazen, déi kënnte geschaf ginn. Dat wier e positiven Akzent, deen déi staatlech Instanze géife setzen. Domat géife se d'Efforte vun de Gemengen a vun de Syndikater, déi ech virdrun ugeschwat hunn, positiv ënnerstëtzen, well bei alle positiven Usätz, déi mir hunn - a mir freeën ons doriwwer -, ass et de Leit aus dem Norde relativ schwéier ze vermëttelen, datt Agencë vu Banken zougemaach ginn, obschonn d'Bevölkerungszuel dauernd zouhëlt an d'Aktivitéiten an onsen Industriezonen zouhuelen.

Op där anerer Säit fänkt och d'Post u Guicheten zouzemaachen. D'Post Kautebaach, bon, dat war wahrscheinlech den Ufank, mä den Tri zu Housen, wat d'Post ugeet, ass och ewechrationaliséiert. Et ass menger Meenung no eng geféierlech Salamitaktik, déi do bedriwwe gëtt. Dat sinn negativ Erscheinungen, déi mir musse contrecarréieren.

Ech hu virun zwee Méint mat Satisfaktioun festgestallt, datt wéi mir diskutéiert hunn iwwer eng Dezentraliséierung vu verschiddene Servicer vum Hôpital neuropsychiatrique vun Ettelbréck an de Süde vum Land, dat net zu gréisseren Diskussioune gefouert huet, an datt och kee Mënsch eppes dobäi fonnt huet. Ech hu mech iwwerrascht gefillt, datt dat esou einfach an d'Welt gesat ginn ass. Ech sinn der Meenung, datt wann dezentraliséiert gëtt, och wat d'Personal ugeet, datt wann dat deen ee Wee geet, Här Minister, do si mir ons eens, da kënne mir hei am Land net op enger Einbahnschinn fueren, da muss et och an déi aner Richtung méiglech sinn.

Ech proposéieren do zum Beispill d'Schafung vun enger Ëmweltklinik, wouriwwer zënter enger Rei Méint eng Diskussioun gefouert gëtt. Ech mengen, Leit, déi sech e bësse mat der Problematik vun der Ëmweltmedezin befaassen, wëssen, datt dat keng Utopie ass, déi do an d'Welt gesat ginn ass, mä datt dat eng Saach ass, déi een haut brauch am Kader vun enger moderner Medezin. Et wier och net schlecht, wann eventuell kënnt dru geduecht ginn dës Ëmweltklinik, wann dat méiglech wier, an d'Nordstad unzesiedelen, ëmsou méi well den Hôpital St Louis keen nationale Service huet, deen hien an de sechzeger a siwenzeger Joren hat mat der Radiotherapie. Ech mengen, dat wier eng kleng Kompensatioun.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéilt ech nach eng Motioun erabréngen, wou ech d'Regierung géif invitéiere mat menger Fraktioun eng Rei Saachen, déi ech hei développéiert hunn an där Zäit, déi mir zougestanen ass, ze realiséieren am Intérêt vun dem Éislek.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés*

*- considérant que la région Nord du Grand-Duché de Luxembourg a connu une importante croissance démographique lors des dix dernières années;*

*- considérant que cette vaste croissance démographique commence à poser des problèmes en ce qui concerne les infrastructures, notamment publiques, routières et scolaires;*

*- considérant qu'un grand nombre de communes disposant de moyens financiers réduits se voient dans l'impossibilité de garantir toute une série de services d'intérêt public;*

*invite le Gouvernement*

*- à mettre en place une stratégie nationale de décentralisation sur la base du programme directeur de l'aménagement du territoire;*

*- à développer une politique volontariste d'implantation de services publics et non publics dans les différentes régions du pays;*

*- à créer un Fonds régional destiné à promouvoir la coopération régionale et intercommunale au niveau des infrastructures et des services;*

*- à présenter avant la fin de l'année dans le cadre d'une conférence régionale Nord un concept global concernant cette région, qui intègre tous les aspects qui ont été fixés dans le cadre du projet de programme directeur de l'aménagement du territoire de 1999;*

*- à promouvoir un transport performant entre les principaux centres de la région et le reste du pays;*

*- à élaborer en étroite collaboration avec les communes intéressées un concept cohérent en matière de transport et d'urbanisme pour la région „Nordstad";*

*- à développer la coopération au niveau interrégional avec nos voisins belges et allemands;*

*- à compléter les infrastructures scolaires et d'accueil;*

*- à aider efficacement les communes concernées (Wiltz et Vianden) à revaloriser leurs friches industrielles.*

*(s.) Georges Wohlfart, Alex Bodry, Mady Delvaux-Stehres, Jeannot Krecké, Jos Scheuer.*

Ech géif ofschléissend dem Här Minister merci soen, datt hien d'Interpellatioun ugeholl huet, gutt nogelauschtert huet an och géif ech e félicitéiere fir dee voluminösen Dossier, dee mir hei iwwerreecht kritt hunn, wou eng ganz Rei interessant Donnéeën dra si vun deenen eenzelne Ministèren. Et ass op jidde Fall en interessant Dokument, Här Minister, fir weider Iwwerleeungen am Kader vun der nohalteger Entwécklung vum Éislek. Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Nico Loes *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Kolleeg Georges Wohlfart hat nach eng Demonstratioun vergiess, wéi hien déi all opgezielt hat déi am Éislek waren. Mir hunn och eng Kéier zu Ëlwen fir méi Schoul an d'Éislek demonstréiert, an dat ass och an d'Rei gaangen. Ech wëll mech awer net mat den Demonstratiounen ophalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Entwécklung am Norden, ganz besonnesch am Bezierk Norde selwer, ass en Dauerthema, dee mat vill Passioun an Erwaardungen diskutéiert gëtt. Entgéint deem, wat geleeëntlech an deene méi südlech geleeënen Deeler vun eisem Land gemengt gëtt, ass den Norden eng ganz lieweg Regioun mat ongezielte lokalen Initiativen, déi d'Liewen am Norden dynamiséieren. Ech denken hei un déi zwee Naturparken an un d'Institutioun vum Klierwer Kanton a vum Réidener Kanton. An dëser Dynamik läit et wuel dran, datt d'Populatioun am Norden iwwerproportional séier géintiwwer dem Rescht vun eisem Land gewuess ass.

De Kolleeg Georges Wohlfart huet seng Interpellatioun, déi an hirer urspréngleicher Form e politescht Gesamtkonschtwierk war op dat mindestens déi ganz Regierung hätt missen äntwerten, herno spezifesch op d'Beräicher Landesplanung a ländlech Entwécklung achséiert. Do fält scho villes dran, wat et allgemeng zu den Entwécklungsperspektive vum Norden ze soe gëtt. De Kolleeg Wohlfart huet e bëssen all d'Projeten an all d'Situatiounen ofgegrenzt. Ech wëll mech dann och elo net nach eng Kéier hei driwwer ausloosse wéi vill Altersheimer, wéi vill Crèchen a wéi vill Schoule gebaut gi sinn. Ech denken, dat gehéiert e bëssen zu dem Développement rural, wou de Kolleeg Marco Schank herno wäert drop agoen opgrond vun där Erfahrung, déi speziell mir zwee an enger Regioun haten, wou mir Virreider ware fir déi europäesch Programmer, wat de 5B, de LEADER a wéi gesot d'Naturparken ubelaangt.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, den Norden ass zwar ee Bezierk a gëtt gemengerhand als eng Regioun mat iwwerall gültege Charakteristiken duergestallt. Dat géif bedeiten, datt et landesplaneresch, wirtschaftlech, kulturell an esou weider kaum Ënnerscheeder tëschent Réiden an Ëlwen, tëschent Dikrech an Aasselbur géif ginn. Genee dat ass net wouer.

Den Ënnerscheeder tëschent deene verschiddenen Deeler vum Norden ass dann och schonn am Plan directeur vun der Landesplanung Rechnung gedroe ginn, deen am Norden dräi Planungsregioune virgesäit. Et handelt sech dobäi ëm den Nordwesten, d'Nordspëtzt an ëm déi sou genannten Nordstad. Et ass och dëst d'Andeelung, déi de Spezifissitéite vun deene verschiddenen Deeler vum Norden am beschte Rechnung dréit, well eent schéngt mir a menger Fraktioun och kloer, wa mir vun der Entwécklung vum Norde schwätzen: Mir kënnen net alles iwwerall maachen a mir wëllen och net alles iwwerall hikréien. Domat wier den Norden a senger Identitéit an och a senger Attraktivitéit vläicht méi gestrooft, wéi dass him gedingt wier.

An de Kolleeg Georges Wohlfart ass och op déi Entwécklung agaangen, datt mer am Kontext vun der nohalteger Entwécklung do missten oppassen.

Den Norden huet zum Beispill eigentlech keng schwéierindustriell Bestëmmung, ausser vläicht am Anzuchsgebitt vun der Nordstad, mä ausserhalb vun deem Raum muss déi wirtschaftlech Aktivitéit dem natierleche Kontext ugepasst ginn, an déi se sech afügt.

Den Norde besteet op där anerer Säit awer net nëmmen aus Wisen, aus Bëscher an aus ländlechem Tourissem. D'Destinatioun vum Norden also an e puer Sätz do anzequëtschen ass schwiereg. Et sinn dofir méi reng Approchë verlaangt, déi ech dann och wëllt usazweis hei undeiten.

Mir hunn am Norden deen zweete Verwaltungszentrum vum Land, deen och ee Schoulzentrum ass, dat ass de Raum Dikrech-Ettelbréck, ronderëm deen de Plan directeur jo och d'Entstoe vun engem nationalen Attraktiounszentrum mëttlerer Gréisst virgesäit, esou wéi dat och fir d'Stad Esch de Fall ass.

An der Nordstad, déi och d'Nopeschgemenge vun deenen zwou Stied ëmfaasst, ass déi infrastrukturell Basis och schonn do fir eng weider steigend Populatioun opzehuelen a mat deenen Déngschtleeschtungen ze versuergen, déi ee sech vun enger klenger Grousstad, fir dat emol eng Kéier esou auszedrécken, erwaart. Ettelbréck huet bal iwwer 8.000 Awunner. Dikrech beweegt sech op 7.000 zou. Mat den Nopeschuertschafte kënnt een do op eng Awunnerzuel - an de Georges Wohlfart huet dat virdru gesot - vu ronn 28.000 Leit, déi an dem Konglomerat Nordstad liewen. Vill vun hinne schaffen do. Déi wirtschaftlech Entwécklung vun der Nordstad ass eng Préfiguratioun vun deem, wat de Plan directeur fir dat ganzt Land an Aussiicht gestallt huet a wat vum IVL och soll konkretiséiert ginn, nämlech datt allgemeng soll manner Verkéier entstoen, doduerch datt d'Leit op d'Dauer méi no bei hir Aarbecht wunne kommen. Et ass eng Erausfuerderung. An nodeems mer den IVL déi viregt Woch virgestallt kritt hunn, ass et speziell eng Erausfuerdung wat den Norden ubelaangt.

D'Infrastrukture vun der Nordstad si villfälteg. Ech hoffen, datt der och nach derbäi kommen. Sportlech, kulturell, sozial a selbstverständlech schoulesch ass d'Nordstad den Haaptattraktiounspunkt vum Bezierk Norden.

An dësem Kontext wëllt ech drop insistéieren, datt et och géif Sënn maachen iwwert d'Schafung vun engem Nordstadsyndikat oder enger Communauté urbaine nozedenken, déi déi verschidden Tätegkeetsberäicher vun deenen existéierende Gemenge géif iwwerhuelen. Et ass sécher net falsch, fir d'Nordstad e kohärent Transportkonzept ze schafen, wat sech op de Bus géif baséieren, esou wéi dat och am Süde mam TICE de Fall ass. Och wat aner Aktivitéiten ubelaangt, wier eng méi enk Kooperatioun vun den interkommunale Syndikater an der Nordstad denkbar.

Natierlech muss een och hei op déi historesch Relatiounen tëscht Dikrech an Ettelbréck ganz virsiichteg agéieren. Ech sinn awer dovun iwwerzeegt, datt eng interkommunal Zesummenaarbecht an der Nordstad prinzipiell géif dee beschten institutionelle Kader fir eng gemeinsam Weiderentwécklung vun dësem Raum duerstellen.

Nieft der Nordstad, déi zimlech am Süde vum Norde läit, läit iwwert der Nordstad an nieft der Nordstad awer dee gréissten Deel vum Norden. Do gesäit de Plan directeur weider véier kleng Attraktiouns- an Entwécklungspoler vir, an zwar Klierf, Veianen, Wolz a Réiden. Si sinn d'Haaptuertschafte vun deene véier Kantonen, déi och hiren Numm droen, a sinn historesch d'Zentre vun dëse Kantoner gewiescht. An Zukunft gëllt et si weider an hirer regionaler Ausstrahlung an Attraktivitéit ze stäerken. Dozou gëtt mat Sécherheet ee Beitrag geleescht, wann de Kanton Réiden an de Kanton Klierf hiren eegene Lycée kréien; wann zu Wolz an zu Veianen eppes op de Friches industrielles geschitt a wann a puncto Kultur och an dësem Eck eppes géif entstoen; wann zu Klierf deen dynamesche Syndikat SICLER eng Gesamtbestëmmung fir de Kanton ausschaft, déi fir d'Planungsregioun vum gesamten Norden ee ganz wichtege Motor géing duerstellen.

Ëmmerhin - an dat ass wichteg fir meng weider Ausféierungen iwwert déi zwou méi nördlech Planungsregiounen - ass et selbstverständlech och fir de Raum Nordstad an de Kanton Veianen wichteg, datt um Niveau vun den Transportweeër mat der Elektrifizéierung vun der Nordstreck an dem Bau vun der Nordstrooss, d'Viraussetzung fir eng besser Accessibilitéit am ganzen Norde geschafe gouf a gëtt.

Speziell de Bau vun der Nordstrooss dréit dozou bäi, datt mer deen Astellungsphenomeen an de Gréff kréien, wou ëmmer gesot gëtt, datt Dikrech méi wäit vun der Stad ewech läit wéi d'Stad vun Dikrech. Weider am Norden ass dat natierlech nach méi problematesch. Ech soen an ech behaapten, datt de Bau vun der Nordstrooss dem Norden nei Perspektiven opmécht.

Eng besser Zougänglechkeet vun dem ländlechen Deel am Norden ass natierlech dozou gëeegent den nationalen Tourismus weider ze förderen an dee soll, der Meenung vun alle Betraffenen no a gemäss dem Plan directeur, een doucen Tourismus ginn. Dobäi geet et net nëmmen ëm Dausende vu Leit aus dem ganze Land an doriwwer eraus, déi sech déi Summerweekender um Stau afannen, mä virun allem ëm déi manner massiv Bewegungen, zum Beispill vu méi klenge Gruppen an d'Naturparken, bei déi ländlech Attraktioune ronderëm de Stausee, oder vu Klierf a Veianen, oder an d'Restaurante vun eisen Dierfer, wou ee mëttes e klenge Maufel kann zou sech huelen, a se esou kënnen zu der touristescher Entwécklung vun där Géigend bäidroen. En Tourismuskonzept fir den Norden ass noutwendeg an de Kolleeg Marco Schank wäert herno a sengen Ausféierungen nach do drop agoen.

Wat awer och wichteg ass an der Diskussioun ronderëm d'Planungsregiounen am Norden ass d'Tatsaach, datt ausser der Nordstad eigentlech keng Géigend an deem Bezierk do ass, déi sech méi intensiv fir eng wirtschaftlech Aktivitéit vum industriellen Typ prêtéiert. Hei muss een awer trotz allem déi Syndikater ervirhiewen an déi Gemengen, déi eppes ënnerholl hu fir Aktivitéitszonen ze schafen. Ech denken do u Klierf, un Ëlwen, un Housen, u Réiden, well et ass jo an engem gewësse Sënn normal, datt mer déi Aktivitéiten net kënnen iwwert déi ganz Regioun ausdehnen, well dat géif mat der Iddi vun den Naturparken an der ländlecher Géigend net iwwertenee goen.

De Problem fir déi ländlech organiséiert an axéiert Géigenden am Norden ass natierlech deen, datt si eng Vokatioun hunn als Noerhuelungsgebitt op touristeschem Plang an doduerch net déiselwecht wirtschaftlech Dynamik kënnen un den Dag leeë wéi dat enzwousch anescht de Fall ass, wat dann awer och mat sech bréngt, datt se doduerch manner Recettë vläicht erakréien, Recetten déi dacks manner oder ebe guer net méi do sinn, fir sech selwer eng konkret Entwécklungsperspektiv ze ginn an op d'Erfëllung vun där hinzeschaffen.

D'Gemengen an deenen zwee Naturparken, dee vun der Uewersauer an dee vun der Our, an och déi Gemengen déi eng touristesch Vokatioun hunn, leeschte jo och een Déngscht der Lëtzebuerger an der regionaler Allgemengheet, wa si während der Saison dausende vu Kuerz- a Laangzäittouristen ophuelen. Si kënnen awer, wéi gesot, sech selwer nëmme ganz schwéier doriwwer finanzéieren. Dofir sinn ech der Meenung, an dat sollt een och iwwerleeën, ob een net kënnt en zousätzleche Kritär bei der Verdeelung vun de staatleche Recetten un d'Gemenge sollt berücksichtegen, déi der lokaler Entwécklungsperspektiv géif Rechnung droen. Do kritt zum Beispill eng Gemeng, déi sech e spezifeschen Entwécklungsplang gëtt, zousätzlech Mëttel fir d'Erfëllung vun deem Plang, sou laang deen an d'Bestëmmung vun der Gemeng hirer Regioun an de Plan directeur vun der Landesplanung passt.

***(M. Jean Asselborn prend la Présidence)***

De Georges Wohlfart hat virdrun de Waasserfrang ugeschwat. Ech kommen nach eng Kéier do drop zréck. Wann eng Regioun opgrond vun de Waasserreserven a vun der Drénkwaasserversuergung vum Land muss Restriktioune virhuelen, da sinn ech der Meenung, datt da bei de staatlechen Dotatiounen aneschters misst verfuer ginn an do d'Kritäre frësch fixéiert misste ginn, fir datt se och an der touristescher Vokatioun ka viru schaffen.

Et geet mer och hei drëms fir duerzeleeën, datt an de Regioune vum Nordwesten a vun der Nordspëtzt eng grouss Dynamik um Terrain existéiert, fir konkret lokal a regional Entwécklungsperspektiven ze erschléissen, mä et dacks un de Mëttele feelt, déi eng Gemeng oder ee Syndikat bräicht, fir bestëmmte Projeten ëmzesetzen.

Här President, den Norden a seng verschidde Bestanddeeler, d'Planungsregiounen, déi den Innenminister identifizéiert huet, verlaangen elo no enger konsequenter Förderung. Domat mengen ech net nëmme weider Fuerderungen un de Stat oder weider Ofgrenzungsbestriewunge géintiwwer dem Landeszentrum, wéi mer dat an der Vergaangenheet ëmmer nees erlieft hunn, wann d'Norddynamik zougeschloen huet. Ech gehéieren nämlech net zu deenen, déi ëmmer gär driwwer lamentéieren, am Norde wier näischt lass a mir wiere géintiwwer anere Regioune vum Land benodeelegt.

Ech sinn awer och grad esou ee groussen a fervente Verfechter fir d'Interesse vum Norden ze wahren an och, datt mir do eise Courage an de Grapp huelen an Initiativen huelen, fir am Norden déi Entwécklung virunzedreiwen. D'Entwécklung aus deene leschte Jore gëtt eis Recht, wéi och deenen eenzelne Syndikater am gesamten Norden. Ech mengen, do si mer deenen aneren Deeler vum Land eppes viraus. D'Bevölkerungszuele weisen dat aus, wéi et virdru scho

gesot ginn ass, d'Bevölkerungszuelen, déi am Landesduerchschnëtt bei 14,3% leien, leien hei bei 18,6%. Ech denken, datt dës Evolutioun de Beweis derfir ass, datt mer gutt dru gedoen hunn, fir déi Saach selwer an de Grapp ze huelen, mä, Här Minister, och wann op dem lokalen a regionale Gebitt vill Ustrengunge gemaach gi sinn an nach ginn, esou komme mer awer net derlaanscht, datt och weiderhin de Stat eis do ënnert d'Äerm muss gräifen.

Ech wëll och eng Rei positiv Punkten opzielen, déi ënnersträichen, wat d'Zesummespill vu gemeinsamem Handelen op regionaler an nationaler Basis zu enger positiver Entwécklung ka féieren. Ech zielen op d'Zounahm vun der Bevölkerung, ech hunn et gesot, d'Verbesserung vun den Infrastrukturen, d'Installatioun vun Aktivitéitszonen, de Bau vun der Nordstrooss, Initiativen an nei Weeër an der Landwirtschaft an am Tourismus.

Et bleiwen nach eng ganz Partie Saachen, an déi si virdru vum Interpellant schonn opgefouert ginn, déi an d'Rei musse gesat ginn. Ech denken hei un d'Usiedlung vun nationale Institutiounen am Norden. D'Situatioun an der Landwirtschaft musse mer och iwwerdenken, well et ass grad dëse Secteur, deen d'Bild vum Éislek prägt. D'Schafe vu weideren Aarbechtsplazen an och d'Affektatioun vun Zonen, eng nei Affektatioun vun den Industriezonen, déi brooch léien. Ech denken hei besonnesch un d'Frichë vun der Stad Wolz.

Ech kommen zum Schluss. Mir schéngt och dës Evolutioun e Bewäis ze sinn, dass den Norden e Bezierk ass, wou et sech gutt liewe léisst.

***(Interruption)***

Här Gira, wann et Iech do net gefält, Dir hutt jo nach ëmmer d'Méiglechkeet anzwousch anescht ze goen.

***(Interruption)***

Ah, Dir hutt jo gesot. Ech hat gemengt, Dir wiert net mat mer d'accord.

***(Interruptions diverses)***

Ech si gewinnt, dass ech ëmmer aus deem Eck do attackéiert ginn. Dofir sot ech dat dann och hei.

Doduerch denken ech, dass mer och musse mat a Kaf huelen, dass mer emol eng Kéier méi wäit musse fueren, mä déi Leit, déi bei eis kommen, déi kommen och net nëmme bei eis, well do d'Grondstéckspräisser nach méi bëlleg sinn, well d'Liewensqualitéit am Norden duerch déi nohalteg Planung, déi mer an den eenzele Regioune gemaach hunn, och eng vun de Charakteristike vun dëser Regioun bleift an de Räichtum vun dëser Regioun hëlleft duerstellen.

Ech wëll schléissen - mäi Kolleeg Marco Schank wäert nach herno d'Wuert ergräifen -, andeem ech mäi Frënd a President vum Klierfer Kanton zitéieren, deen emol eng Kéier gesot huet: „Es geht nicht darum kindergartenreife Beschäftigungsprogramme für das Ösling auszutüfteln, sondern schlicht und einfach in unserem Land für Chancengleichheit zu sorgen".

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci Här Loes. Den nächste Riedner ass den Här Emile Calmes.

M. Emile Calmes *(DP)*.- Wat ass dann hei lass? Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a méi oder manner groussen an onregelméissegen Ëmstänn gëtt sech dach awer Gedanken iwwert d'Situatioun am Norde vun eisem Land gemaach a ganz oft, och wann dat haut net de Fall ass, gëtt den Norden duergestallt als entwécklungsbedürfteg Regioun, déi a sech drop waart, datt de schéine Prënz kënnt fir se ze këssen, fir datt se esou aus dem Dornröschenschlaf erwächt. Dat ass awer net de Fall.

Am Éislek do uewen, am Norde vun dësem Land gëtt absolut net geschlof. Dat wier e falscht Bild vun der Situatioun. Au contraire, a meng Virriedner hunn dat hei ënnerstrach, ass et eng ganz dynamesch a lieweg Regioun an déi, déi sech dovu wëllen iwwerzeegen, brauchen nëmmen emol Sonndes den Auto zu huelen an iwwer Land ze fueren. Da kënne se sech vun deem iwwerzeegen. Dat brauche se awer net onbedéngt ze maachen, well dat kënne se och an Dokumenter erausfannen. Eent vun deenen Dokumenter hu mir jo de Mëtteg hei virfonnt op eisem Pult, wou e Résumé vun deem dran ass, wat bis ewell an deene leschte Joren am Norde geschitt ass, respektiv, wat nach alles geplangt ass.

Et kann ee sech awer och d'Dokument vum STATEC erbäihuelen an d'Chiffere liesen, wat d'Entwécklung vun der Populatioun am Norden ass. Meng Virriedner hunn drop higewisen. Während am Duerchschnëtt am Land eppes méi wéi 14% Populatioun bäikomm ass, sinn dat am Norde bäino 19%. Geet een dann, fir net déiselwecht Chifferen ze huelen, kucke wat dat an deenen eenzele Kantonen ausmécht, da gesäit een, datt zum Beispill am Réidener Kanton d'Populatioun ëm 23,6% an d'Luucht gaangen ass. Dat ass bal ee Véirel méi. Am Wëlzer Kanton sinn et 22,1%, am Klierfer Kanton sinn et 21,15%, fir nëmmen déi ze nennen.

Geet een dann nach eng Etage ënnendrënner an et kuckt ee wéi d'"Evolutioun vun deene verschiddene Gemengen ass, da fënnt een eraus, datt Gemengen do sinn, déi en Zouwuess kannt hu vu méi wéi 40%. Meng Gemeng gehéiert zum Beispill dozou, mä awer och Gemenge wéi Mäerzeg oder Géisdrëf.

An deem Sënn wëll ech emol eng Kéier hei ënnersträichen, datt awer och eng Partie Gemenge sech hirer Verantwortung bewosst ware wat d'Wunnengsbauentwécklung ugeet, ier d'Diskussioun iwwerhaapt bei eis hei ugaangen ass, an déi do och hire Responsabilitéiten nokomm sinn. Firwat kommen d'Leit elo esou massiv bei eis dorobber wunnen an de leschte Joren? Dat ass eng Fro. Ech mengen, déi éischt Äntwert ass ganz einfach déi, datt d'Bauplazen an der Vergaangenheet am Norde vill méi bëlleg ware wéi am Rescht vum Land, an dat huet enger Partei Leit et erlaabt, déi net esou gutt bei Keess waren, iwwerhaapt eng Bauplaz ze fannen. Et muss ee soen, datt an der Tëschenzäit d'Bauplaze bei eis do uewen awer och méi deier gi sinn, och wa se nach ëmmer méi bëlleg si wéi dat am Rescht vum Land de Fall ass. Mä dat eleng wier wahrscheinlech awer net duergaangen, fir dohinner wunnen ze kommen. Dozou gehéiert, datt een op mannst esou eng gutt Liewensqualitéit do fënnt wéi am Rescht vum Land. A kucken ech dat aus dem ëmweltpolitesche Kontext eraus, datt d'Liewensqualitéit an de meeschte Géigenden am Norden op jidde Fall besser ass.

D'Leit fannen och do déi Infrastrukturen, déi se brauche fir ze liewen, ugefaange bei de Schoulen. An Dir kënnt duerch de ganzen Norde fueren, a kengem Schoulhaff fannt Der e Container. D'Gemengen, obschonn se nëmme véier Joer Zäit hu fir ze plangen ier déi éischt Kanner an d'Schoul ginn, hunn et ëmmer erëm fäerdeg bruecht hir Infrastrukturen esou ze adaptéieren, datt se dat anert a sech net hu brauchen ze maachen.

Zu deenen Infrastrukture gehéiere selbstverständlech d'Basisinfrastrukturen, wat klappt, mä dozou gehéieren och méi Luxusinfrastrukturen, wann ech dat emol esou kann nennen, nom Genre vu Centre culturel et sportif. Déi si jo all an deem Dokument do opgelëscht. Do si ganz vill Efforte gemaach ginn an et ginn der nach vill an deenen nächste Jore gemaach.

Ganz sécher, an dat ass och hei ugeklongen, ass net alles perfekt am Norden. Et bleift nach vill ze maachen an dozou soll déi Diskussioun vun haut jo bäidroen, wou am positive Sënn jiddferee säi Bäitrag ka maachen. D'Landesplanung gëtt eis d'Basis fir dat ze diskutéieren. Dat ass vu mengem Virriedner jo och esou gemaach ginn, virun allem de Programme directeur, an deemnächst dann och dee sougenannten IVL.

D'Landesplanung deelt déi fënnef Kantonen aus dem Norden, mat hire 45 Gemengen, déi 45% vum nationalen Territoire ausmaachen an eppes iwwer 15% vun der Populatioun, an a Regiounen. Et ass och normal, datt dofir vun deene sechs Regiounen, déi am Programme directeur virgesi sinn, dräi Regiounen am Norde sinn. Dat ass eng Regioun Westen, mat de Kantone Réiden a Wolz. Dat ass eng Regioun Norden, mat de Kantone Klierf, Veianen an zwou Gemengen aus dem Kanton Dikrech an eng Regioun Zentrum Norden, wat de Kanton Dikrech ass, plus een Deel dann awer och nach vum Kanton Miersch.

Den Norde setzt sech zu 90%, territorial gesinn, zesummen aus méi enger ländlecher Géigend, an nëmmen e ganz klengen Deel, dat ass deen Deel ëm Ettelbréck, Dikrech, wat eng stätesch Zon u sech ass.

Duerno gesäit de Programme directeur dann Espaces d'action vir, dat heescht, Handelsgéigenden, déi am Programme-directeur festgehale sinn, mä déi éischter duerch d'Aktivitéit vun de Gemenge konditionnéiert gi si wéi datt de Programme directeur d'Espacë konditionnéiert hätt, well scho laang am Virfeld vun der Opstellung vun deem Programme directeur, an dat ass jo elo hei ugeklongen, sinn an deene verschiddene Géigenden interkommunal Syndikater an d'Liewe geruff ginn, déi sech där regionaler Entwécklung ugeholl hunn.

Am Weste war dat zum Beispill de Syndikat vum Réidener Kanton, wat e Syndicat à vocations multiples ass. Et war den Naturparksyndikat . Déi Gemeng, déi a sech net an engem interkommunaler Gremium war, war d'Gemeng Wolz. Mä de Programme directeur gëtt eis jo d'Geleeënheet, esou wuel dem Réidener Kanton wéi och dem Naturparksyndikat vun der Sauer, eis zesumme mat deene Wëlzer eng Strategie ze ginn, fir de westlechen Deel vun eisem Land. Am Deel Norden ass et de Klierfer Kanton, deen u sech do deeselwechte Rôle spillt wéi de Réidener Kanton. An dann och neiderdéngs den Naturpark Our.

A wou een dann näischt erëmfënnt, dat ass éischter den Deel Zentrum Nord, wéi dee genannt gëtt, wou u sech déi interkommunal Zesummenaarbecht net esou gepräegt ass. Et muss ee soen, datt op Grond vun der interkommunaler Zesummenaarbecht awer eng Partie an deene Géigende konnt realiséiert ginn, dank dem Asaz vun deene Gemengen am Kader vun dem interkommunale Syndikat, selbstverständlech och mat der Hëllef vum Stat.

Ech géif nëmmen eng Partie Beispiller unhand vum Réidener Kanton hei zitéieren, wat een alles kann als interkommunale Gremium maachen. Datselwecht gëllt selbstverständlech och fir de Klierwer Kanton, deen eis an näischt nosteet an och fir déi zwee Naturparksyndikater, net datt ech elo hei falsch verstane ginn.

Den interkommunale Syndikat vum Réidener Kanton, wéi gesot ëmmer d'selwecht wéi déi aner, ass u sech an der Iddi gegrënnt ginn, fir eng wirtschaftlech Diversifikatioun erbäi ze féieren. Dat ass an deem Sënn gelongen, datt mer an der Tëschenzäit zwou Industriezone géréieren: eng an der Rammerecher Gemeng an eng zu Réiden, wou mer iwwregens eng al Friche industrielle, wann een dat emol esou kann nennen, déi vun der Solupla, opkaaft hunn, déi réaménagéiert an ausgebaut hunn, wat natierlech e grousse Succès ass. Do stongen 8.000 m² Halen, déi mer als Pépinière d'entreprises ëmgebaut hunn.

Mir konnten e ganzen Deel vun de Betriber, déi an de Gemengen doruechter verdeelt waren, do relogéieren. An der Zwëschenzäit hu mir Halen derbäi gebaut an dat huet e Succès fou. Dat ass dat mannst, wat ee ka soen.

Scho relativ fréi hunn d'Gemengen aus dem Réidener Kanton sech zesumme gedoen, fir eng Crèche ze bauen. Ech menge bis haut hu mir nach déi eenzeg interkommunal Crèche respektiv deen eenzegen interkommunale Foyer du jour iwwerhaapt hei am Land. Domat hu mir volle Succès an d'Waardelëscht ass selbstverständlech grouss.

Datselwecht gëllt fir dat, wat mir fir déi eeler Leit gemaach hunn. Mir hunn eis zu zéng Gemengen zesummegedoen a mat 20% zesumme mam Stat um Bau vun engem Altersheim mat honnert Better participéiert. An deem Sënn hu mir schonn eng gréisser Aktivitéit.

Mä och an aneren Domäner ware mir aktiv, esou zum Beispill exploitéiere mir zënter enger ganzer Rei vu Joren zesummen eng Museksschoul. Deemnächst, esou ëm d'Päischten, wäerte mir mat eiser neier Schwemm fäerdeg sinn, déi awer nëmme vun néng Gemengen opgeriicht ginn ass, wat esou e Genre Freizeitbad ass. D'Ekologie ass hei ugesprach ginn. Et ass eng Schwemm, déi u sech $CO_2$-fräi fonctionnéiert an deem Sënn, dass d'Hëtzt vun der Biogasanlag geliwwert gëtt, déi 500 m vun do ewech läit. Mir bauen zesummen eng nei Kläranlag zu Béiwen un der Atert fir dee ganze Kanton Réiden.

Dann hu mir esou Aktioune gestart, déi jiddferengem missten e Begréff sinn, wéi „Komm fuer mat", wou mir a sech den öffentlechen Transport erheblech konnte verbesseren, oder „Komm spuer mat", wat kengem onbekannt dierft sinn, eis Energiespuercampagne. Den Här Statssekretär huet mir viru kuerzem gesot, dass net manner wéi d'Halschent vun allen Hëllefen, déi am Kader vun den erneierbaren Energien ausbezuelt ginn, an d'Regioun vum Norde gaange sinn. Ech mengen dat schwätzt jo awer och fir sech. Net zulescht, dat ass schonn hei ugeklong, waren et d'Gemengen aus dem Réidener Kanton, déi solidaresch bei d'Educatiounsministesch a bei d'Bauteministesch getréppelt sinn, fir hinnen zesummen e Site ze proposéieren, an zwar zu Réiden mat Zoufahrtsweeër an allem, wat dozou gehéiert, wat et der Regierung wahrscheinlech erlaabt bis Enn vum Joer mam Bau vun deem Lycée kënnen unzefänken.

Mir hunn dat gemaach, fir dem Programme directeur an deem Sënn gerecht ze ginn, fir aus Réiden en dezentraliséierten Zentrum ze maachen, deen et amgaange war ze verléieren. Ech menge vun all deenen Zentren, déi den Nico Loes elo hei virdrun opgezielt huet, ass et deen, dee muss opgepäppelt ginn. Zesumme wëlle mir dat maachen. Wolz gëtt deem scho gerecht. Klierf a Veianen ginn deem éischter duerch hir touristesch Vocatioun gerecht. Ettelbréck an Dikrech ginn deem souwisou gerecht.

Wéi gesot, déi Konstellatioun bei eis ass déiselwecht wéi déi am Klierwer Kanton, mam klengen Ënnerscheed, dass de Klierwer Kanton méi wäit vun der Stad ewech läit an doduerch si nach méi Efforte musse maache bei der Schafung vun Aarbechtsplazen. Dat gesäit een un der Zuel vum Chômage. Mir hunn an eisem Kanton, dee grad esou grouss ass wéi de Klierwer Kanton, hallef esou vill Chômage wéi am Klierwer Kanton. Mir hunn 1,5%, si hunn 3%. Dat huet ganz einfach domat ze dinn, dass mir méi no bei der Stad leien an eis Leit d'Méiglechkeet hunn awer an d'Stad kënne schaffen ze goen.

Voilà, ech mengen, do wou, wann een déi Kaarten duerchkuckt, e Fleck bleift um Niveau vun der interkommunaler Zesummenaarbecht an automatesch dann och um Niveau vun der interkommunaler Organisatioun - dat ass schonn hei ugeklong vu mengem Virriedner - dat ass an der stätescher Zon. Dat ass éischter am Raum Ettelbréck/Dikrech, deen dann nieft der oder no der Stad an no Esch als drëtte groussen Zentrum hei am Land ugesi gëtt. Op dëser Géigend läit haut schonn en immensen Drock an dee Moment, wou d'Nordstrooss fäerdeg wäert sinn, wäert deen Drock ganz sécher net ofhuelen: den automatechen Drock op de Wunnengsbau, op d'Wirtschaft an op de Verkéier. Herno erëm eng Kéier den Drock op d'Schoulen an alles, wat dat bedeit. Do fënnt een u sech déi interkommunal Zesummenaarbecht net an deem Sënn. Dat huet historesch Grënn, well dat u sech grouss Uertschaften oder Stied sinn - dozou kéint ee Wolz iwwregens och nach zielen -, déi et bis ewell net néideg haten sech mat de klenge Gemenge ronderëm zesummenzedinn.

Déi kleng Gemengen haten awer och keen Intérêt drun, well esou hu se net brauchen hëllefen ze bezuelen, wéi dat Beispill vun der Museksschoul zu Ettelbréck et jo beweist. Wéi nämlech d'Gemeng Ettelbréck de Gemenge ronderëm offréiert huet matzemaachen, du war d'Bereetschaft och schonn net méi grad esou grouss. Ech mengen, d'Erausfuerderung ass awer haut an deem Eck do, am Raum vun der Nordstad, wéi en iwwerall genannt gëtt, esou grouss, dass eng Zesummenaarbecht tëschent de Gemengen Ettelbréck an Dikrech an awer och den Nopeschgemengen, dat heescht plus ou moins de Gemengen aus dem Kanton Dikrech, sech opdrängt.

Iwwert d'Form kann een diskutéiere wéi dat soll gemaach ginn, ob dat en interkommunale Syndikat soll sinn oder eng Collectivité urbaine oder wat och ëmmer. Ech mengen doriwwer kann ee jo diskutéieren. Haaptsaach, et gëtt eppes gemaach! Iwwert dat, wat wéi a wou wat an deem Eck gemaach gëtt, mengen ech, hätte mer d'Gemengen oder d'Schäfferéit aus där Géigend selwer besser décidéieren ze loossen am Sënn vun der Autonomie vun deene jeeweilege Gemengen. Haaptsaach, et geschitt eppes an da wäert d'Nordstad och hirem Numm an hirem Ruff gerecht ginn. An deem Sënn géif ech lech merci soe fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Den nächste Riedner ass den Här Koepp.

M. Jean-Pierre Koepp *(ADR)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Interpellatioun gëtt eis d'Geleeënheet, fir méi prezis Problemer duerzestellen, déi am Norde vun eisem Land unzetreffe sinn. E Merci un den Interpellateur, mäi Kolleeg Georges Wohlfart. Leider stinn eiser Fraktioun hei nëmme 17 Minutten zur Verfügung, 17 Minutten, déi engem et awer nëmmen erlaben, fir e kuerze globalen Iwwerschlag iwwert déi verschidde Punkten ze maachen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Wéi laang hutt Dir an deene leschten dräi Joer hei geschwat?

M. Jean-Pierre Koepp *(ADR)*.- Dat ass wouer. Duerfir schwätzen ech jo méi ënnerwee wéi s Du.

***(Interruption et coups de cloche de la Présidence)***

Et ass kee Geheimnis, dass den Norden et vill méi schwéier huet, fir seng Fuerderungen no gläichwäertege Liewensbedingungen anzefuerderen wéi aner Regiounen. Dat beschte Beispill ass d'Nordstrooss. 30 Joer gouf fir dës bluttnoutwenneg Verkéiersachs gekämpft respektiv sech staark gemaach, mä hei an der Chamber ass se jo awer dunn zu gudder Lescht dach nach gestëmmt ginn. Dat war e Schrëtt an déi richteg Richtung. Et hätt just vill méi fréi komme mussen.

Et ass awer och gewosst, dass duerch de Bau vun dëser Nordstrooss den ekonomeschen Nohuelbedarf net behoff ass. Weider Schrëtt mussen nach kommen. Den Norde muss eng Regioun ginn an där d'Leit souwuel liewe wéi och schaffe kënnen. Zu enger liewensfäeger Regioun gehéiert zu alleréischt e gesond wirtschaftlecht Ëmfeld, anerefalls näischt leeft. Dat ass den Nonplusultra vun allem. All eis Regierungen hu bis elo haaptsächlech den Akerbau an den Tourismus fir den Norde propagéiert, mä leider sinn dat zwee Wirtschaftssecteuren, wou e permanente Réckgang ze verzeechnen ass.

Den Ackerbau ass leider e Secteur ouni Zukunftsperspektiven. Praktesch all Dag hänkt ee Bauer säi schéine Beruff un dee berühmten Nol. Wann all eis Regierungen, déi mir bis elo haten, fäerdeg sinn, dann dierften am gënschtegste Fall nach een, zwee oder vläicht dräi Baueren an der Moyenne op eisen Dierfer bleiwen. An dësem Kontext soll ee sech net ëmmer hanner Bréissel oder hannert der EU verstoppen, well Lëtzebuerg huet jo bekanntlech och eng Stëmm.

Une voix.- Wat proposéiert Dir dann, Här Koepp?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Da lauschtert no, hien ass jo nach net fäerdeg.

M. Jean-Pierre Koepp *(ADR).*- Ech proposéieren, dass mir e puer Metzler méi an d'Dierfer kréien.

***(Hilarité)***

Mä fir dësen Ausfall am Agrarsecteur muss Ersatz agefouert ginn. En Deel ass schonn entstanen duerch déi verschidden Aktivitéitan Industriezonen, déi am Norden ugeplanzt goufen. D'Erfahrung weist awer, dass et der nach net genuch sinn. Verschidde Betriber, déi nach an eisen Dierfer hir Aktivitéit hunn, géife sech och gären an enger Zon néierloossen, fannen awer net ëmmer dat richtegt Gehéier bei eisen Institutiounen. Domat geet vill u Kapital dëse Betriber respektiv eiser Ekonomie verluer, wat da ganz oft vun auslänneschen Offerten opgefaange gëtt. Hei musse mir méi schnell an unbürokratesch dëse Wënsch Rechnung droen.

D'Genehmigungsprozedure si vill ze laang. Hei musse ganz kloer Friste gesat ginn. Domat wär och den Ënnerscheeder an der Bearbechtungsprozedur tëschent de Regioune Grenze gesat. E Betrib, deen ausbaue wëll, muss dat an enger relativ kuerzer Zäit maache kënnen, anerefalls seng Clientèle sech anerwäerteg bedéngt.

Mä och dat zweet angeblecht Wirtschaftsstandbeen vum Norde steet op ganz wackelege Féiss, nämlech den Tourismus. Déi Tourismusattraktiounen, déi mir am Norden hunn, ginn net prezis a geziilt no bausse verkaaft. E Beispill: Mir hunn zu Klierf eng eenzegaarteg Ausstellung vum Här Edward Steichen, déi wonnerbar am Schlass ënnerbruecht ass, mä mir kréien se net richteg verkaaft.

Tagunge vun de Konferenzen zu dësem Thema gi paradoxerweis zu Tréier organiséiert an och ofgehalen. Mir kréien et net fäerdeg dës Thematik zu Klierf selwer oder an der Regioun ze verkafen. Wann eis Syndikater am Norden op Bénévolatsbasis net aktiv wären, da géif am Norden nach vill manner an dësem Domän vum Tourismus lafen. Do derbäi feelt et och un Tourismuslokomotive fir eng nei Clientèle unzespriechen, respektiv op Lëtzebuerg unzezéien.

D'Debatten zum siwente Fënnefjoresplang vum Tourismus ginn eis deemnächst d'Geleeënheet fir heirobber méi am Detail anzegoen. Mä et sief elo scho gesot, datt Lëtzebuerg misst an Zukunft méi op de Kuerzzäittourismus setzen.

An dësem Kontext ass et awer wichteg, datt de Stat richtungsweisend wär duerch eng Dezentralisatioun vu sengen Institutiounen. Zum Beispill d'Geriicht zu Dikrech klot schonns jorelaang iwwer Aarbechtunhiewung, awer leider ass do nach net vill an Aussiicht gestallt ginn. D'Délaien op de Geriichter, fir dass d'Affäre kënne plädéiert ginn, ginn ëmmer méi laang, awer näischt geschitt. D'Statistike weisen awer, datt d'Kriminalitéit an alle Sparte permanent klëmmt.

Zweet Beispill: Dat neizeschafend Waasserwirtschaftsamt géif sech vun der Saach hier ganz gutt an d'Nordregioun aplanze loossen. Hei ass eis Regierung also schonn dräi an en halleft Joer ermahnt wat de Standpunkt ubelaangt, awer et ass nach net vill geschitt. Dëser Iwwerleeunge kënnt een nach eng x-beliebeg Zuel derbäisetzen.

Et soll een awer ganz sachlech iwwer eng Dezentraliséierung vu staatlechen Institutiounen diskutéieren. A wann de politesche Wëllen do ass, dat wär och mäi Wonsch, da misst déi eng oder aner Verwaltung am Norden een Doheem fannen. Ech wëll hei e puer Beispiller nennen: d'Passerneierung, de Führerschäinentzuch, de Strofregister a sou virun. Erlaabt mer awer nach drop opmierksam ze maachen, dass wann eng Zukunftsgestaltung vun enger Regioun an Ugréff geholl gëtt, et misst onbedingt e Verkéierskonzept iwwert de Gesamttransport entwéckelen.

Dëse Faktor ass an eisen Aen ee ganz wichtegen, deen och vernoléissegt gëtt, wat jo de Verkéierschaos an deene verschiddene Regioune beweist. Do derbäi wär eng Gesamtplanung immens wichteg, well an deem Zesummenhang de Bebauungsplang deementspriechend opgestallt gëtt. All eis Regierungen hunn et bis elo verfeelt eng Gesamtplanung op d'Been ze stelle mat deem Resultat, datt d'Liewensqualitéit vun de Mënschen ofhëlt.

Den ADR-Norden huet an dësem Sënn Iddië fir e Gesamtverkéierskonzept entwéckelt an och publizéiert. Awer wat doriwwer eraus fir eng wirtschaftlech Entwécklung ganz wichteg ass, dat ass den Uschloss un d'international Autobunnsnetz. An deem Sënn géif ech begréissen, wann eis Regierung sech géif haaptsächlech mat der belscher Regierung ofschwätzen, fir datt hei laangfristeg gesinn eppes Sënnvolles erauskéim. Well et kann dach net sinn, datt Lëtzebuerg op der Wämperhaart ee Rondpoint plangt, mä an der Belsch awer de Gesamtverkéier mëttlerweil iwwer Hünningen op der Schmëtt soll erauskommen.

Et gëlt no Méiglechkeet ze vermeide wann Industrien, respektiv Aktivitéitszonen ugeluecht ginn, datt den entspriechende Verkéier duerch Uertschafte muss lafen. Mir warnen och virdrun, fir Contournementen ze bauen ouni ee Gesamtkomplex virzeleeën, well da verlagert ee jo just nëmmen d'Problemer op eng aner Uertschaft an dat däerf net sinn.

Zum Schluss vu menger Interventioun sief awer nach bemierkt, duerch en enkt Zesummeschaffe vun enger ganzer Regioun, an dëst a ville Beräicher, gouf scho ganz villes zum Positive bewierkt, anerefalls den Norden nach wesentlech méi schlecht do stéing wéi elo. Et wär ze hoffen, datt deeselwechte Geescht sech géif op d'ganzt Land iwwerdroen, well Nordproblemer sinn och Landesproblemer an ëmgedréint.

Et wär falsch, wann een am Kader vun dëser Interpellatioun eng Regioun géif géint déi aner ausspillen. Dat wär, a mengen Aen, net de Sënn vun der Saach, mä mir sollen a konstruktiver Zesummenaarbecht am Interessi vum Land schaffen. An da kann et dach net sinn, datt eng Regioun méi bevirdeelegt gëtt wéi anerer. Ech mengen, do musse mer kucken, datt mer ee gemeinsame Wee fannen, awer dat geet net ouni datt mer all Waasser an eise Wäi schëdden.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Koepp. Den nächste Riedner ass den Här Camille Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, erlaabt mer vläicht eng Bemierkung virop. Ech fannen et als Deputéierten och ganz spannend, wann ee vun der Regierung sou e voluminéist Dokument hei zu enger Interpellatioun vun engem Kolleeg Deputéierten iwwerreecht kritt. Et wier just ganz flott gewiescht, wann een awer zumindest puer Deeg Zäit gehat hätt fir dat Dokument a Rou kënnen ze studéieren, dann hätt een och kënnen direkt op dat, wat d'Regierung gemaach huet a wëlles huet ze maachen, reagéieren, mä et schéngt awer e bëssen an der Hetz an an der Panik zesummegestallt ginn ze sinn. Ech géing mech net ze vill drop verloossen, well zumindest zwou Zuele schénge mer ganz komesch ze sinn. Ech gleewen net, dass de Kanton Veianen an deene leschten zéng Joer ëm 328% u Populatioun gewuess wär, an op där anerer Säit déi vu Wolz ëm 69% gefall wär. Ech mengen, dat ass vläicht manner grave, mä ech géing et awer gutt fannen...

***(Interruptions)***

De Chroniqueur am Lëtzebuerger Wort huet haut e bësse sarkastesch gesot, den Interpellant hätt jo elo aacht Méint Zäit gehat, fir sech Gedanken ze maache fir seng Interpellatioun. Ech mengen, dann hätt et och misse méiglech sinn, dass d'Regierung dräi Deeg virun der Interpellatioun den Deputéierten déi Dokumenter ginn hättt. Mä besser spéit, wéi ni.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, den Norden ass attraktiv. Den Norden ass esou attraktiv wéi scho laang net méi. Dofir brauch een nëmmen, wéi schonn e puer Virriedner et gesot hunn, d'Zuele vun der Volkszählung vun 2001 ze kucken. Ob den Norden och weiderhin attraktiv bleift, wäert eiser Meenung no awer manner mat der Fäerdegstellung vun der Nordstrooss ze dinn hu wéi mat de Verhandlunge vum SYVICOL mat der Regierung iwwert d'Gemengefinanzen. Well d'Gemenge sinn, Här President, zu engem groussen Deel responsabel fir déi gesteigert Attraktivitéit. A wann d'Regierung de Gemengen allgemeng de Krunn zoudréint, dann trëfft et déi am Norde besonnesch haart, well déi hunn haut scho 15 Milliounen Euro d'Joer manner wéi se eigentlech, laut dem Landesduerchschnëtt, zegutt hätten.

Vun deenen eenzelne Regierungen ass eigentlech wéineg komm. Virun allem ass dat, wat dann eventuell gemaach ginn ass, ouni Plang gewiescht. Op jidde Fall hate mir ni dat Gefill wéi wann déi Aktiounen oder eenzel Projeten, déi komm sinn, Bestanddeel vun engem kloren Entwécklungskonzept fir den Norde gewiescht wären. Ech mengen emol net, dass dat ass, well den Norden allgemeng als Stéifkand vun deene jeeweilege Regierungen ugesi ginn ass, mä ganz einfach well mer insgesamt an deem Land hei keng Landesplanung haten an och nach keng hunn.

Wann een als Responsabel d'Entwécklung vum Land de Stroossebauer, de Wirtschaftslobbyisten an de Spekulanten iwwerléisst, da brauch ee sech net ze wonnere wann déi Regiounen, déi méi wäit ewech vum Zentrum sinn, vläicht e bësse méi schlecht ewechkomme wéi de Rescht vum Land a wann insgesamt eng chaotesch Entwécklung Iwwerhand hëlt.

Ech hunn net dat Gefill, Här President, dass dës Regierung besser wier, well och hir ass dat Wuert Landesplanung nach ëmmer kee Begréff. Véier Joer no senger Ausschaffung läit de Programme directeur nach ëmmer am Tirang. Mir sollen zwar leemnächst, hunn ech mer soe gelooss, hei eng Kéier een Nomëtteg iwwert dee Plan directeur schwätzen an diskutéieren. Ech stellen hei d'Fro: Wär et dann awer net mindestens sënnvoll, wa mer an där enger oder anerer Chamberskommissioun deen Débat géinge preparéieren?

Ech mengen net dass et Sënn mécht, hei aus heiterem Himmel iwwer e voluminéist Dokument, wou immens vill valabel Iddien a Pisten dra sinn, einfach een Nomëtten ze diskutéieren an da war dat et. Ech mengen, da verpufft déi ganz Aktioun. Ech géing proposéieren, dass mer vläicht an där nächster Intérieurskommissioun oder Ëmweltkommissioun eis awer et nach eng Kéier géingen iwwerleeën, ob mer net méi eng sënnvoll Diskussioun ëm dat valabelt Dokument kéinte féieren.

Ech begréisse sécherlech, dass endlech iwwert den IVL usazweis iwwer Landesplanung geschwat gëtt. Ech begréissen och, dass d'Regierung wëlles huet d'Gemengen do mat anzebannen. Ech fannen, dass schonn eleng bei där éischter Virstellung zu Steesel eng Rei flott Chifferen op den Dësch komm sinn. Ech hunn d'Gefill, dass dat iwwerhaapt eppes ass, wat eis an deem Land hei chronesch feelt, dass deelweis d'Landesplanung och inexistent ass, well ëmmer „Pi mol Daum" hei diskutéiert gëtt, well éischter mam Bauch Politik gemaach gëtt wéi opgrond vun objektiven Zuelen.

Sécherlech wäert den IVL an dëser Legislaturperiod näischt Wahnsinneges méi bewierken. Ech hoffen awer, dass en zumindest kann dozou bäidroen, fir eng Rei objektiv Zuelen op den Dësch ze leeën an dass vläicht gewëssen Diskussiounen, déi periodesch ëmmer erëm optauchen, e bësse versachlecht kënne ginn. Wann een dat géing erreechen, da wier et schonn net ëmsoss gewiescht.

Zumindest ass mir, Här President, näischt bekannt iwwert d'Ausaarbechtung vun engem Regionalplang, fir eng vun deenen dräi Nordregiounen. Ech wollt froen, wou ass d'Konzept vun der Regierung fir d'Nordstad? Ech si mat de Virriedner d'accord, dass selbstverständlech eng Responsabilitéit, souguer eng grouss Responsabilitéit, bei de Gemengeverantwortlechen aus deem Eck läit, mä ech mengen awer och, dass ee vun enger Regierung kann erwaarde mat hire klore Virstellungen an d'Regioun ze goen, fir mat deene Responsablen ze diskutéieren. Ass esou en Usaz do, a wa jo, wéi ass et mat deem Konzept? Wou sinn all déi schéi Projeten, déi hei an enger Motioun, den 9. Juli 1997, beim Vote iwwert d'Nordstrooss versprach si ginn?

Esou Interpellatioune wéi déi hei hu jo de Virdeel, an do ass elo eisen Archivage optique wierklech formidabel, dass ee relativ séier gewëssen Diskussiounen, déi viru Joren an deemselwechten Haus stattfonnt hunn, kann nokucken. An da fënnt een ëmmer erëm déi erstaunlechst Saachen. Wann een déi Motiounen noliest, déi déi deemooleg Majoritéit hei bei der Diskussioun iwwert d'Nordstrooss abruecht an och votéiert huet, da kann een nëmme staunen. Do steet dran, dass am Joer 1998 nach Kreditter an de Projet de loi iwwert de regionalen Tram abruecht géinge ginn. Do geet et ëm d'Ausschaffung vun engem Konzept fir de ganzen Norden.

Ech muss Iech soen, maacht Iech déi Freed a liest déi Motiounen emol erëm eng Kéier. Da kënnt Der nëmme staunen. Ech hunn op jidde Fall kee vun deene Projeten erëmfonnt, awer och keen ee vun deenen déi d'Majoritéit deemools, dat wëll ech nach eng Kéier betounen, an déi Motiounen erabruecht hat, fir ze weisen, dass se net nëmme géing eng Strooss bauen, mä och nach ganz aner Projeten an hirem Tirang hätt, déi haut sollte realiséiert sinn, guer net ze schwätze vun anere Verspriechen, déi deemools gemaach si ginn. Op déi kann ee vläicht an engem anere Kontext nach eng Kéier zréckkommen.

Doniewent gëtt et nach eng Rei Dossieren, dat ass och schonn ernimmt ginn, déi eigentlech scho Joren, wann net Jorzéngten, op eng definitiv Léisung waarden, wéi zum Beispill d'Ackerbauschoul an aner Projeten.

Fir dëst Versoe vun der Regierung ze verstoppen, gräifen déi zwou Regierungsparteien dann op e faulen Trick zréck. Si schécken d'Nowuesstruppen an d'Schwësterorganisatiounen an d'Arena. Fir d'Inaktivitéit vun hire Ministeren ze iwwerspillen, falen d'Jugendsektiounen a blannen Aktivismus, fir vum Versoe vun der Regierung ofzelenken, entwéckelen d'Hoffnungsträger déi phantasteschst Iddien, fir vun de reellen Defiziter ofzelenken, kämpfen Exponenten aus den Hausgewerkschaften op Nieweschauplazen.

Op der éischter Table ronde, Här President, ginn awer dann all dës Iddien als Loftschlässer a Schaumbieder entlarft, awer dem Publikum soll mat deene ganzen Aktioune gleewe gedoe ginn, net d'CSV an d'DP wiere Schold um Schlamassel do uewen, mä déi béis Regierung aus der Stad. Wann een déi Saach am Detail verfollegt, da mengt een heiansdo déi regional Antenne vun de Regierungsparteie wieren zur gläicher Zäit Majoritéit, Oppositioun an nach Zivilgesellschaft dobäi.

Wann ech all déi Iddien hei géing oplëschten, déi d'Jongtürken an die jungen Wilden an deene leschte Joren am Norden do uewen entwéckelt hunn, da wier ech nach bis spéit an den Owend hei amgaang.

***(Interruption)***

Ech kommen nach dozou. Här Calmes, Dir wannt beim Nolauschteren.

Här President, den Norde brauch keng Extravaganzen, den Norde brauch och keng künstlech parachutéiert Infrastrukturen. Den Norde wier scho frou, wann en déi ganz normal Infrastrukturen zur Verfügung hätt wéi aner Géigenden och. Ech bréngen zwee Beispiller: Mir sinn amgaang am Beräich vun den zwee LEADER-Gebitter Internetstuffe wëllen anzeriichte fir ronn 20 Gemengen. A wat stelle mer fest? Dat privatiséiert awer nach ënnert der Responsabilitéit vum Stat schaffend Postunternehme muss eis soen, fir d'Halschent vun deene Gemenge wier emol iwwerhaapt kee schnellen Internetzougang méiglech. Här President, dat do ass déi traureg PISA-Realitéit vun e-Luxembourg am Éisleck.

En zweet Beispill ass schonn ernimmt ginn. Ech fannen et net normal, dass honnerte vu Schoulkanner aus der Nordregioun net d'Chance hu während hirer Schoulzäit an den normalen Horairë schwammen ze léieren, re-

spektiv dass se Stonnen a Busse musse verbréngen, fir an eng Schwemm kënne gefouert ze ginn, fir dat ze léieren. Ech mengen, dat steet engem vun de räichste Länner vun der Welt wierklech net gutt zu Gesiicht. Dat sinn e puer Beispiller, wou Grondinfrastrukturen einfach feelen, an ech mengen eist Haaptobjektiv misst sinn…

***(Interruptions diverses)***

Den Här Asselborn kritt dat net esou mat, wéi de President.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Den Här Huss huet esouguer scho mat deem telefonéiert. En ass net ëmgefall, kann ech lech soen.

Här President, ech wëll awer och soen, dass et deen een oder anere Liichtbléck gëtt, ënner anerem de Réidener Lycée. Dat mengen ech, gëtt net nëmmen e wichtegt Gebai fir déi Regioun, mä et gëtt wierklech en Entwécklungsinstrument. Mir hunn och Zousoe kritt vun deenen zwou Ministeschen, dass d'Gemengen aus dem Kanton kënnte matschwätze bei der Gestaltung vun deem Lycée. Do geet et mol net onbedéngt nëmmen ëm d'Gebai, mä och wéi déi Infrastruktur kann an déi positiv Entwécklung vun deem ganzen Eck agebaut ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir hutt et schonn erausfonnt aus deem, wat ech gesot hunn. Den Norde brauch keng Entwécklungshëllef, well en ass net ënnerentwéckelt. Den Norde brauch eng kohärent Regionalplanung, déi déi grouss Entwécklungsdynamik, déi an der Regioun an aus der Regioun entstanen ass, begleet, well soss riskéiert den Norden iwwerentwéckelt ze ginn, soss leeft den Norde Gefor grad esou eng chaotesch Evolutioun matzemaachen, wéi aner Regiounen am Land mat allen Nodeeler, déi mer kennen: D'Zersiedelung vun de Landschaften, d'Zerstéierung vum Charakter vun den Uertschaften, Verkéierschaos, an esou weider. A mat esou engem Szenario géing den Norde genau déi Potentialer futti maachen, déi en haut esou attraktiv maachen. A fir mech perséinlech ass dat déi grouss Erausfuerderung fir dës Regioun, dass mer léieren aus deene Feeler, déi an anere Géigende vum Land geschitt sinn, wou mer eng wëll Urbaniséierung haten a wou mer et net fäerdeg bruecht hunn eng Mëschung ze brénge vu Wunnen, Schaffen a Fräizäit, dass mer fir dës Regioun Léieren aus aneren Ecke vum Land zéien an et vläicht fäerdeg bréngen se esou attraktiv ze halen, wéi se ass.

Déi Gréng, an domat Här Calmes, kann ech lech äntwerten, hu schonn 1997 en 10-Punkte-Programm fir den Norden opgestallt. Mir haten eng flott Broschür gemaach. Ech stelle fest, Här President, dass dës Broschür haut nach grad esou richteg a grad esou aktuell ass wéi deemools. Ech hunn elo net d'Zäit, fir wierklech am Detail op déi Fuerderungen anzegoen. Ech géing vläicht nach eng Kéier déi puer Wichtegst ernimmen.

Fir eis ass d'Reform vun de Gemengefinanzen - an deem Kontext virun allem méi Sue fir déi kleng Gemengen -, e wichtege Punkt fir dem Norden eng grouss Chance ze ginn, well am Norde gëtt et keng grouss Gemeng. Och déi dräi grouss, mengen ech, sinn nach klenger. A wa mer wëllen, dass den Norden eng Chance huet, da mussen endlech och déi kleng Landgemengen déiselwecht Méiglechkeete kréien, fir hir Infrastrukturen ze maachen. Mir fannen awer och, dass am Kontext vun der Reform vun de Gemengefinanzen de Regionalfong e ganz wichtegt Instrument ass, fir op där enger Säit d'Luusspätteren an Trittbrettfahrer, déi et an all Regioun an och am Norde gëtt, wierklech ze bestrofen, an op där anerer Säit déi Leit, déi scho jorelaang Regionalplanung maachen, respektiv se wëllen ufänken, ze belounen. Ech mengen, dat kann nëmmen e wichtege Bäitrag sinn, grad an Zäite wou manner öffentlech Gelder do sinn, fir dass déi öffentlech Gelder méi rationell genotzt ginn.

E weidere wichtege Punkt ass eiser Meenung no eng uerdentlech Mobilitéit. Ech wëll nach eng Kéier betounen, dass och nach am Joer 2001 hei zu Lëtzebuerg 21% vun den Haushalter keen Auto hunn. Dat kënnt Der an de Statistike vun der Volkszählung vun 2001 nokucken. Ech hunn et och den éischte Moment net gegleeft, mä et ass esou, 21% vun de Lëtzebuerger Haushalter hunn och nach 2001 keen Auto.

***(Interruption)***

An der Stad ass dat vläicht manner schlëmm, Här Helminger, well een do nach eng ganz Rei Infrastrukture kann zu Fouss oder mat engem gutt fonctionnéierenden öffentlechen Transport erreechen. Mä stellt Iech vir, Dir sëtzt an engem Duerf wou keng Epicerie, kee Bäcker a kee Metzler méi ass, an Dir hutt keen Auto. Da sidd Der wierklech vum gesellschaftleche Liewen ausgeschloss. An do geet et net nëmmen ëm d'Akafen,…

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

…et geet och ëm déi kulturell Manifestatiounen. Et geet awer och ëm d'Aarbechtsplazen.

Den Här Calmes huet éinescht hei d'Aarbechtslosegkeet am Kanton Réiden ernimmt. Ech sinn net ganz mat him d'accord. Ech mengen net, dass et nëmmen d'Ursaach vun der Noheet zur Stad ass, well soss misste jo aner Regiounen nach méi e klenge Chômage hu wéi de Kanton Réiden, et ass awer esou, dass de Kanton Réiden deen niddregste Chômage aus dem ganze Land huet. Do gëtt et sécher vielfälteg Ursaachen.

Ech mengen awer och, dass eng vun den Ursaachen ass, dass mir säit 1995 en exzellent fonctionnéierende Stonnentakt hunn a Richtung Stad, a Richtung Nordstad an a Richtung Réiden, wat sécherlech mat dozou bäidréit, dass eng ganz Rei Leit, déi keen Auto hu respektiv kee Führerschäin awer kënnen en Job unhuelen. Ech si selwer Vizepresident vun enger Beschäftegungsinitiativ an hu mech do misse beléiere loossen, dass bei der Jugendaarbechtslosegkeet zum Beispill d'Tatsaach besteet, dass immens vill vun deene Jugendlechen, déi kee Job fannen, entweder kee Führerschäin, keen Auto oder béides net hunn. A wat soll esou e Jugendleche maachen, wann hien op engem entleeënen Duerf wunnt, wou nëmme just moies an owes e Bus fiert? Wéi soll deen engem Job kënnen nogoen?

Ech mengen, dass de sozialen Impakt vun engem gutt fonctionnéierenden öffentlechen Transport ganz oft ënnerschat gëtt, an dass mer eis dat schonn e puer Su sollte kaschte loossen. Dat kënnt net nëmmen der Ëmwelt zegutt, mä dat kënnt och der Mobilitéit vu Randgruppen aus eiser Gesellschaft zegutt. A well dat eis esou wichteg ass, géif ech eng Motioun hannerleeën, fir d'Regierung opzefuerdere wierklech fir de ganzen Norden e kohärent Konzept an deem Beräich ze maachen.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que dans le cadre du futur développement de la région du Nord une priorité revient à l'amélioration générale de la mobilité de la population;*

*- saluant les projets ambitieux du Gouvernement d'arriver au plan national à un modal split de 75:25 entre le transport individuel et le transport public;*

*- soulignant dans ce contexte qu'approximativement 20% des ménages sont dépourvus de voiture privée pour se déplacer;*

*- estimant qu'une offre adéquate de transports publics fait défaut dans de nombreux villages;*

*invite le Gouvernement*

*- à élaborer, en collaboration avec les communes, des solutions pour garantir un service de transport public cadencé, efficace et attrayant couvrant tous les villages du Nord du pays;*

*- à définir et développer un concept garantissant à chaque agglomération de plus de 300 habitants une cadence horaire pour le transport public,*

*- à favoriser dans un souci de prévention routière un développement soutenu du transport public au-delà des heures de pointe, pour offrir surtout aux jeunes une alternative attrayante au transport individuel pour leurs déplacements de loisir;*

*- à soutenir et à développer de nouveaux concepts tels que „late night bus", „discobus" ou „train-taxi".*

*(s.) Camille Gira, François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss, Renée Wagener.*

***(Sonnerie d'un téléphone portable)***

Dat ass mäin Handy awer net.

***(Hilarité et brouhaha général)***

Et soll kee soen d'Technologie wär nach net am Norden ukomm. Dat stëmmt op jidde Fall net.

***(Hilarité et interruption)***

Une voix.- Eng SMS?

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, nach dräi weider wichteg Fuerderungen, wou ech wierklech wéi gesot aus Zäitgrënn net kann an den Detail goen, déi eis awer ganz staark um Häerz leien: d'Schafung vu méi Crèchen a Betreiungsstrukturen an uschléissend dorun d'geziilte Schafung vun Aarbechtsplaze fir Fraen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Ech mengen, mir sinn am Norden iwwert de Punkt ewech, dass mir egal wéi eng Aarbechtsplaze musse schafen. Mir gesinn, dass der elo scho vill vu Grenzgänger besat ginn a mir missten an deenen nächste Jorzéngte wierklech eng Politik maachen, fir ganz geziilt Aarbechtsplaze fir Fraen am ländleche Raum ze schafen.

Ech weess, dass Fraepolitik generell e Friemwuert hei zu Lëtzebuerg ass am Kontext Regionalplanung. Dat ass awer ëmsou schlëmmer am ländleche Raum, wou ganz oft d'Chancëgläichheetsdefiziter vun de Frae méi grouss si wéi an der Stad.

Eng zweetlescht Fuerderung, déi mir ganz wichteg schéngt, dat ass e Konzept fir dat grousst Potenzial un alternativen Energien aus dem Norde wéi Wand, Holz a Biogas systematesch ze notzen, wat eng Stäerkung vun der Landwirtschaft géif mat sech bréngen an nei Filièren opmaachen fir kleng a mëttel Betriber an domat d'Schafung vun nohaltegen Aarbechtsplazen.

Schlussendlech déi lescht Fuerderung: Endlech e kohärent Konzept fir d'Nordstad zu engem zweeten Ënnerzentrum nieft der Stad Esch zu Lëtzebuerg ze maachen.

0Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Leit aus dem Norde wësse ganz gutt, wat si brauchen a wat si wëllen. Si wëssen et vläicht besser wéi anerer hei am Land, well si déi Éischt waren, déi aus der Nout eraus d'Kierchtuermspolitik op der Säit gelooss hunn, sech un een Dësch gesat hu fir zesummen d'Zukunft ze gestalten, well se als Éischt gezwonge waren aus enger benodeelegter Situatioun eraus kreativ Léisungen, fir d'Entwécklung vun hirer Regioun ze sichen. Dës Regierung brauch nëmmen dofir ze suergen, dass d'Gemengen aus dem Norden endlech déi néideg Mëttelen zur Verfügung kréien, fir dës Léisungen an d'Realitéit kënnen ëmzesetzen. An dës Regierung brauch nëmmen dofir ze suergen, dass déi entstanen Dynamik koordinéiert vir sech geet an déi néideg Grondinfrastrukturen zur Verfügung gestallt ginn.

Wann dat geschitt, ass et mir ëm de Norden net baang an déi Gréng wäerten, Här President, ganz genee verfollegen, ob dës Regierung den Norde sech selwer entwéckele léisst. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marco Schank agedroen. Den Här Schank huet d'Wuert.

M. Marco Schank *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass de Norden eng lieweg Regioun ass, dat weist sech un dem Engagement, der Begeeschterung vu menge Virriedner - an et ass jo och nach net fäerdeg. Ech mengen dat ass vläicht eng Stäerkt vum Norden, dass d'Leit parteiiwwergräifend zesummenhalen, wann et wierklech ëm eppes Wichteges geet. Ech hoffen, dass dat och an Zukunft esou bleift, och an Zäite vun engem Virwahljoer an nach doriwwer ewech.

***(Interruption)***

Richteg.

Ech packe mech elo, dass ech net iwwert d'IVL, iwwert d'Frichë vu Wolz a Veianen, iwwert de Plan régional Norden, iwwert d'Nordstad an esou weider schwätzen, den Nico Loes huet dat gemaach. Ech sinn iwwerzeegt, dass de Minister nach wäert zum Schluss dorobber agoen.

Am Norden ass d'Politik vun ënne quasi erfonnt ginn. Dat däerf ee mengen ech behaapten. Et ass also fir d'éischt am Land, datt ausgerechent den Norden d'Regioun vun der Regionalentwécklung par excellence ginn ass. Et ass ganz fréi - dat ass scho gesot ginn - an de Kantone Klierf a Réiden mat hire jeeweilege Gemengesyndikater, am Kanton Wolz mat dem Naturparksyndikat realiséiert ginn, dass et net duer geet ze jéimeren an ze waarden, dass dat Gutt vun uewe kënnt, mä dass ee sech selwer op d'Bee stellt a Fuerderungen op den Dësch leet.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

An dann - ech hunn dat schonn esou dacks gesot - mat Iddië vun ënnen a mat Sue vun uewe kann een am ländleche Raum ganz vill maachen. Ech wäert mech a menger Interventioun dann och speziell op d'Méiglechkeete vum ländleche Raum beschränken.

Et war ronderëm de Stausee, wou Ufank vun den 90er Joren am Kader vu LEADER I e richtegen Iddiendësch entstanen ass, wou sech déi éischte Kéier am Partenariat d'Gemengen, de Stat, d'Beruffschamberen, d'Baueren, d'Bëschbesëtzer an d'Leit aus dem Tourismusberäich beienee gesat hunn a Pläng entwéckelt hunn, wéi gesot vun ënnen erop. Et si Projeten an Initiative gestart ginn am ekonomeschen, am ekologeschem Beräich, awer och am Beräich Kultur, Soziales an doriwwer ewech.

Ech hu gesot eng Dynamik vun ënnen. D'Begeeschterung an d'Engagement vun de Leit si wesentlech Viraussetzunge fir eng weider positiv Entwécklung vum Norden. Ganz vill vun deem, wat an der Vergaangenheet schonn erreecht ginn ass, huet op der Initiativ an der Bedeelegung vun de Leit berout. Dat wäert och an Zukunft nach esou sinn. Et ass ëmmer mat Visiounen, mat Loftschlässer a mat Dreem ugaangen. Dat ass esou. Dat heescht d'Visionäre vun haut sinn d'Realiste vu mar. Vun dohier soll een dat net negativ gesinn.

***(Interruption)***

Ganz niewebäi ass eng Opbrochstëmmung entstan, déi mat Suen net ze bezuelen ass. Dat ass ganz wichteg. Et ass och dat, wat aner Regiounen aus dem In- an Ausland bei eis kucke kommen, esou wéi mir et och gemaach hunn an elo nach maachen. Mir ginn och an d'Ausland kucken, well déi meescht Rieder sinn erfonnt. Mir probéieren se dann awer mat neien Iddien op d'Lëtzebuerger Verhältnisser ëmzesetzen.

Enn 2002 gouf an der Duchfabrik zu Esch/Sauer a Presenz vum Agrarcommissaire Fischler an dem zoustännege Landwirtschaftsminister, e bëssen ënner Ausschloss bal vun der Öffentlechkeet, de Bilan vum 5B-Programm am Norde gemaach, deen ënnert dem Motto stong: „Den Ufank fir eng Entwécklung am Norden!". Ëmmerhi si bal 30 Milliounen Euro iwwert dee Programm an d'Regioun gefloss. Ech wäert och nach e Wuert dozou soen.

Dëse Programm 5B zesumme mat de LEADER-Programmer huet, mengen ech, an deene schwaach strukturéierte Regiounen, déi et deemools nach waren a wou deemools nach eng Ofwanderung stattfonnt huet, wat haut ganz anescht ass, dem Norden immens vill bruecht. Net nëmme konkret um Terrain, also direkt duerch Hëllefen, mä och a Form vu Catalyseuren a vun Nowierkungen, déi mir haut nach mierken, wou nei Kooperatiounen entstane sinn an nei Incentiven a ville Beräicher komm sinn.

Hei sinn zesumme mat de Ministèren, mat de Verwaltungen a mat de Beruffschambere nei innovativ Weeër gaange ginn. Et ass eng nei Kooperatiounskultur entstan. Dat ass ganz wichteg. Dorophi koumen och no an no d'INTERREG-Programmer vun deene mir haut weiderhi profitéieren. Et koumen d'LEADER-Programmer a virun allem d'Naturparkgesetz, wat jo och e Modell ass - ech soen och nach e Wuert dozou - fir eng zukünfteg Entwécklung vun eise Regiounen am Norden, mä net nëmmen am Norden.

Ëmmerhi si bal 30 Milliounen Euro am Kader vun deene Programmer an d'Kantone Klierf, Veianen, Réiden a Wolz gefloss: 5 Milliounen an d'Land- a Forstwirtschaft, 5,5 Milliounen an d'Industrie an an de Mëttelstand, 15,5 Milliounen an den Tourismus an an d'Liewensqualitéit.

Och d'LEADER-Initiativen hu ronn 180 Milliounen aler Frang an d'Regioun bruecht mat net manner wéi 100 Projete mat 50 Partnerorganisatiounen. Dat do ass d'Quantitéit, dat sinn d'Zuelen, mä ech géif behaapten, dass déi Zomme méi bewierkt hu wéi dee materielle Wäert, dee se direkt an d'Regioun bruecht hunn.

D'Haaptwierkung vun de Projeten LEADER a 5B läit awer an der Innovatioun an an der Motivatioun vun der ländleche Bevölkerung, an den neie Liewensqualitéiten, den nei opgebaute Partnerschaften, wat ganz wichteg ass, an am neie Selbstbewosstsinn an der Regioun mat méi Know-how, wat mir an Zukunft brauchen. All dat ass domadder komm. A wann ech vläicht e puer Beispiller aus deene sëlleche Projeten ka soen: Et si Gütesiegele fir d'Landwirtschaft geschafe ginn, eng professionell Weiderbildung, d'Schafung vu Gewerbeflächen, déi berufflech a sozial Aglidderung vu Chômeuren. Duerferneierung ass gemaach ginn, nei Hébergementsstrukturen, d'Vermaartung vu regionale Projeten, kulturell Initiative wéi regional Bibliothéiken, touristesch Unzéiungspunkten. D'Naturparke sinn am Fong virbereet ginn. De Guichet unique, dee, wéi

de Georges Wohlfart ganz richteg gesot huet, wäert weiderliewe mat Hëllef vun deene véier Syndikater: SICLER, SIVOUR, Naturpark a Wolz/Wanseler an dat mat der Hëllef vum Stat zu 50%.

A propos Naturparken, den Norden ass och d'Regioun vun den Naturparke mat deem éischten Naturpark zu Lëtzebuerg a mat deem zweeten Naturpark, deen an där Regioun wäert entstoen, dat heescht d'Naturparkgesetz mat senger „bottom up"-Philosophie, wat fir seng Zäit wierklech virreiderhaft, pionéierhaft war an nach ass, huet ganz staark och d'Gesetz vun 1999 iwwert d'Syndicats régionaux beaflosst. Mat senger finanzieller Bedeelegung vum Stat kënnt d'Naturparkgesetz als Modell wierke fir regional Finanzéierungen. Ech erënneren drun, datt fir Projeten an enger Naturparkregioun ëmmerhin 50% fir de Fonctionnement vum Stat kommen a bis zu 80% fir d'Paien ze bezuelen. Dat ass dat, wat och an anere Regioune vläicht sënnvollerweis an Zukunft misst kommen.

D'Zukunft vum Norde läit net zu Lescht an de Méiglechkeeten an un de Chancë vum ländleche Raum. Dat heescht, d'Entwécklung vum ländleche Raum ass och eng Politik, ech soen dat ganz däitlech, vum aktiven Zesummeliewen, vum gemeinsamen Engagement a vun der soziokultureller Vielfalt, déi mer an eisen Dierfer brauchen, mat Hëllef vun de Veräiner an enger mënschlecher Solidaritéit.

Ech wollt ee Wuert zur Landwirtschaft soen, well se e ganz groussen Deel vum ländleche Raum anhëlt. Engersäits d'Fleeg an d'Erhale vun den natierleche Landschaften, Landschaften déi fir den Tourismus a virun allem awer och fir den Ubau, an ech soen dat ganz konkret, well dat d'Zukunft ass, fir e Richtlinien-Ubau vun de Liewensmëttel. Virdrun ass de Marketing ugeschwat ginn. Dat neit d'Gesetz iwwert den Développement rural gëtt eis d'Méiglechkeeten, wann déi Règlements grand-ducaux all do sinn, fir genau dat ze maachen, also verstäerkte Marketing vun eise landwirtschaftleche Produkter, spezifesch dann och fir eis Regioun. Wien attraktiv Landschafte seet, seet och Tourismus.

Den Norden huet eng ganz staark touristesch Vokatioun, déi vill Iddië vun ënnen an dat Partenariat, vun deem ech geschwat hunn, aus 5B, aus LEADER, mat sech bruecht huet, esou datt mer dräi Ententen hu mat insgesamt 40 Syndicats d'initiative, déi do zesummen operéieren, déi den Norden als Ganzt gesinn, als Ganzt kucken. Ech gi just dat Beispill vun deene 15 Mountainbikepisten, déi aus der Kooperatioun vun deene 40 Syndikater eraus erwuess sinn, déi den Norden touristesch gesinn als Ganzt kucken. An doraus sinn nei, sougenannten all inclusive Offeren entstan, mat de Professionnellen aus dem Hotelssecteur, wéi zum Beispill d'Fahrradwandern ouni Gepäck, d'Promotioun no bannen an no baussen, a villes méi och am Kontext vun der Zesummenaarbecht vun deenen zwee Naturparken.

Ech wëll och soen - ech wëll virun allem dem Här Koepp dat soen -, datt mer ausgerechent 2002 am Norden ee ganz gudden touristesche Bilan haten, wou et an anere Beräicher vläicht net esou gutt gaangen ass. D'Hotellen hu beispillsweis an den Ardennen am leschte Joer ee ganz groussen Zouwuess vu Clientë kannt, iwwerduerchschnëttlech héich. 89% vun den Hotelieren hu gesot: Mir haten eng gutt Saison.

Wann een d'ONT-Ëmfro vun 2002 kuckt, da kann ee vun enger Trendwende schwätzen am Verhältnis Stad-Land zu Gonschte vum ländleche Raum, wat jo ganz wichteg ass, well den Norde ass sécher eng attraktiv Destinatioun. Deen Image musse mer an Zukunft nach verstäerken.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- D'Proportioune klappen awer net!

M. Marco Schank *(CSV).*- Firwat klappen d'Proportiounen net?

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, ech wollt den Här Schank froen, ob e sech Gedanke gemaach huet iwwert d'Verdeelung vun den touristeschen Infrastrukturen tëschent dem Zentrum an dem Norden? Do ass ganz kloer eng Diskrepanz. Dat heescht, wann den Norden zouleet, da leet e minimal zou en termes absolus, a wann den Zentrum ganz minimal zouleet, dann ass dat en termes absolus vill méi Wäert wéi dat wat fir den Norde geschitt ass.

M. Marco Schank *(CSV).*- Also et ass kloer, mir schwätze jo net iwwer Tourismus hei, well mer eis op den Norde beschränken. Ech wollt just soen, datt natierlech de City-Tourismus um Niveau vun der Stad Lëtzebuerg 90% huet, soen ech emol, an datt et vläicht och nom 11. September an nom Abroch am Bankesecteur och do méi lues geet. Dat heescht, déi Hotelle mat de fënnef Stären hunn et vill méi schwéier. Datt do dann en Abroch ass, deen dem ländleche Raum zegutt kënnt, dat ass ganz kloer. Dat wäert och an Zukunft nach vläicht méi staark de Fall sinn.

Ech wollt awer soen, datt och nach eng ganz Partie Reserven am Tourismus leien, am Kongresstourismus ganz däitlech, an am ländleche Raum. Vläicht musse mer eis Muséeën didaktesch nach besser équipéiere, dat doudsécher. Mir wäerten an zwee Deeg iwwert de Fënnefjoresplang schwätzen, wou mer am Detail do drop wäerten zréckkommen.

Ech wollt nach séier soen, well d'Zäit mer jo och elo e bësse fortleeft, datt mat deene sëllechen Aufgaben: der Landwirtschaft, dem Handel, dem Handwierk, dem Tourismus, der Kultur an esou weider, do brauche mir an Zukunft eng ganz zesummenhängend Démarche. Déi ass och schonn hei erwähnt ginn. Ech soen et nach eng Kéier, well et esou e wichtegt Gesetz ass, dat vum 21. Mee 1999, et ass richteg, wa mer dat Gesetz wëlle mat Liewen erfëllen, mer Sue brauchen, datt virun allem déi Gemengen, déi zesumme schaffen, an dat net nëmme bei der Hardware, wa se eng Schwemm zum Beispill bauen, mä och an der Software, wa se Leit astellen. Den Naturpark Öewersauer huet siwe Leit, déi natierlech ganz vill Aarbecht kënne maachen. Wann een dat op d'Nordstad héichrechent, da kéim een do op zéng oder eelef Leit, déi déi missten hu fir sëllech Projeten am wirtschaftleche Beräich, am kulturelle Beräich an am ekologesche Beräich ëmzesetzen.

Dofir brauche mer am Kontext vun deem Gesetz déi Suen a mir wäerte jo och am Débat Kompetenze Stat-Gemenge doudsécher iwwert déi finanziell Virgehensweis schwätzen. Dat heescht mir brauchen insgesamt och méi Sue fir déi kleng Gemengen: Regioune brauchen eng haaptamtlech Gestioun, Managerinnen a Manager déi Projete kënnen ëmsetzen, soss ass eng regional Wäertschöpfung an Zukunft net méiglech.

Ech wollt dann nach soen, datt aus all deene Grënn, déi ech virdru gesot hunn, et wichteg ass, datt mer weiderhin um Ausbau vun eiser Betribslandschaft am Norde bauen. Déi zwee Rahmegesetzer, eent iwwert de Mëttelstand an dat anert ass d'Wirtschaftsrahmegesetz, déi am Moment iwwerschafft ginn, sinn och zwee wichteg Instrumenter déi musse genotzt ginn, fir dëst Zil ze erreechen. Mä natierlech läit et och un de Gemenge fir attraktiv an entspriechend Zonen auszeweisen, an deenen och wirtschaftlech Aktivitéite kënne stattfannen.

E weidert Instrument - dat ass dat lescht wat ech wollt ernimmen - wat fir den Norde ganz wichteg ka ginn, dat ass dat Gesetz vum Développement rural. Dir erënnert lech vläicht un d'Artikelen 42 bis 55, wou d'Méiglechkeete fir eng ekonomesch Entwécklung am ländleche Raum kënne mat Aidë viru gedriwwe ginn. Zum Beispill den Encouragement an d'Entwécklung vu Zones rurales gëtt subsidiéiert, d'Vermaartung vu regionale Produiten och, d'Oprechterhalung - wat ganz wichteg ass - vu Services essentiels fir d'Ekonomie an d'Populatioun rurale, och do kënnen Aidë kommen. Datselwecht gëllt fir d'Renovatioun an d'Entwécklung vun den Dierfer, also besonnesch och d'Mise en valeur vum Patrimoine rural, an zum Schluss d'Diversifikatioun vun den Activités agricoles an nei Akommesalternativen, déi kënne mat Hëllef vun deem Gesetz geholl ginn.

Profitéiere vun esou Aidë kënnen net nëmmen déi eenzel Baueren, mä virun allem de Voll- an Nebenerwerb, mä awer och Zesummeschlëss vu Baueren, also Genossenschafte beispillsweis, an a bestëmmte Fäll och d'Gemengen an d'Gemengesyndikater.

Domat wär ech um Schluss. Här President, ech wollt soen, datt ech probéiert hunn den Tour ze maache vun deene wichtegste Facteuren an der Entwécklung vu Méiglechkeeten, déi mer an Zukunft wäerten hunn am ländleche Raum, fir besonnesch den Norden, awer och aner ländlech Regiounen am Land, virun ze dreiwen. Ech mengen, d'Instrumenter hu mer zum Deel schonn, mir musse se vläicht nach verstäerkt mat Liewe fëllen. Anerer kréie mer nach, an ech sinn iwwerzeegt, datt mer dann och méi breet d'Entwécklung an der Regioun Norden nach méi staark zu engem Erfollegserliefnis maachen, wéi dat an der Vergaangenheet war. Fir d'Leit am Norden, an eigentlech fir dat ganzt Land, mengen ech, kënnt déi staark ländlech Komponent, déi mer hunn, méi wéi zegutt.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass d'Madame Durdu agedroen. D'Wuert huet elo d'Madame Durdu.

Mme Agny Durdu *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Hären, wéi ech déi mëndlech Ausféierunge vum Här Wohlfart héieren hunn, do war ech berouegt. Well wéi ech seng Interpellatioun, säi schréftlechen Text vum 25. Abrëll an dee vum 2. Mee virun allem gelies hat, war et mir baang, dass mir d'Éislek erëm géifen nëmmen ënner zwee Gesiichtspunkten analyséieren, nämlech deem vun der Landwirtschaft an deem vun zwee oder dräi Naturparken.

D'Ausféierungen, déi ech bis ewell héieren hunn, hu mech berouegt. D'Bauereproblematik ass nämlech momentan landop, landof fir all Bauer méi oder wéineger déi nämlecht. Et stelle sech vill Froe ronderëm d'Fischlerpolitik, och am Kontext vun enger EU-Erweiderung. Mat vill Spannung verfollegen déi Éisleker d'Diskussiounen ëm Fusioun oder Synergië vu fënnef landwirtschaftleche Groussbetriber: der CEPAL, dem Verband, dem Herdbuch, dem Maschinering an der Saatbaugenossenschaft.

Speziell am Éislek konnte sech awer an deene leschte Joren eng Partie Strukturen entwéckelen, déi grousse Succès hunn. Ech denken hei un d'Initiativen aus dem Naturpark Öewersauer an un d'Biobaueren aus dem Ourdall. Si vermëttelen ee positiivt Bild vum Éislek a vun de Baueren. Si sinn ee fest Standbeen fir de Landtourismus an den Ökotourismus. D'Critères de production, déi si sech operluecht hunn, sinn héich. Ech erënneren och nach eng Kéier hei dorunner, dass mir onbedéngt prezis Qualitéitslabele brauchen, besonnesch wa mer un den europäesche Konkurrenzkampf denken.

Och wollt ech ze bedenke ginn, datt d'Bioproduktioun een Nischeprodukt ass, bei deem d'Marchésregele wäerte wahrscheinlech op eng ganz sensibel Aart a Weis spillen. Ech beruffe mech op zwee Artikelen aus dem Tageblatt an der Bauerenallianz wou draus ervirgeet, datt an Däitschland d'Bioprodukter en Abroch erliewen an datt d'Konklusioun an Däitschland ass: „Der Verbraucher achtet wieder nur auf den Preis und nicht auf die Qualität." Schued drëm.

Dofir si Biogasanlagen, d'Uplanze vu Rapsöl nieft den Iessprodukter aus der Biolandwirtschaft an aus der traditioneller Landwirtschaft eng wichteg Komponent, déi och déi néideg Ënnerstëtzung bei der Regierung fannen. Där Initiative gëtt et am Réidener Kanton an och zu Wäisswampech.

Am Beräich vun den erneierbaren Energië wollt ech just ee Chiffer nennen, nämlech deen, datt vum Environnementsministère d'lescht Joer 640.000 Euro un divers kommunal Projete bezuelt gi sinn. Dat bedeit am Fong geholl 45% vun deene Suen, déi landeswäit ausbezuelt gi sinn.

Mat deem Gescheck komme mer dann elo zum Wirtschaftsberäich am Éislek, Wirtschaftsberäich deen am Éislek absolut net ze ënnerschätzen ass. Ech erënneren drun, datt et zu Wolz eng kleng Zone industrielle à caractère nationale gëtt an et gëtt eng Zone à caractère régionale, déi vum Syndikat Wolz/Wanseler bedriwwe gëtt. Zu Wolz an och esouguer zu Veianen gëtt et eng Friche industrielle, zwar eng Kleng par rapport zu deenen déi mer am Süden hunn. Dialog an Transparenzfäegkeet hunn hei esou gutt den Ekonomies- wéi den Ëmweltministère bewisen, andeem se mat deene betraffene Gemenge méi wéi eng Réunioun haten. D'lescht Woch war zu Wolz eng deementspriechend Informatiounsversammlung fir de grand public. Fazit: D'Initiativ läit bei der Gemeng Wolz, respektiv bei hirem Gemengesyndikat. Bei deene Veianer läit se bei hirer Gemeng.

De Réidener Kanton bedreift seng Zone régionale um Riesenhaff an envisagéiert och dës auszebauen.

De Klierwer Kanton, dee méi wéi eng Kéier heibannen ugeschwat ginn ass, war de Kanton mat där éischter regionaler Zon. Mëttlerweil hu mer fënnef esou Zonen. Eeselbur a Lenzweiler sinn déi, wou déi industriell Betriber ugesidelt sinn, wou mer bis ewell 758 Aarbechtsplazen hunn, a wann déi zwee Betriber, déi momentan amgaang sinn ze bauen, fäerdeg sinn, wäerte mer no un 900 Aarbechtsplaze kommen.

Doniewent hu mer zu Klierf e Site, zu Ëlwen sinn der zwee an Housen huet eng fuschnei Zon. All dës Zone si gesicht vun inlänneschen an auslännesche Betriber. Et handelt sech hei ëm Kleng- a Mëttelbetriber. Doriwwer eraus si mat der Ënnerstëtzung vun dëser Regierung zwee Bâtiments relais gebaut ginn zu Rammerech an zu Housen, eng Initiativ iwwregens, déi bei där leschter Regierung op wéineg Géigeléift gestouss ass.

***(Interruptions)***

Jo Rammerech okay, also de Réidener Kanton an zu Housen. Dës Initiativ ass geduecht fir jonk Betriber ze ënnerstëtzen, déi nach net vill Eegekapital hunn, dofir awer gutt Iddien an déi ënner anerem mat engem bëllege Loyer eng Startméiglechkeet kréien.

Natierlech, wann een dësen Developpement gesäit, muss ee sech och der Transport- an der Infrastrukturpolitik unhuelen. De SICLER, dat heescht de Syndikat aus dem Klierwer Kanton, hat deementspriechend eng Etude de trafic lancéiert. De Bauteministère soll dës Etude deene concernéierte Schäfferéit nach virstellen, fir ze kucke wou a wéi dee meeschte Verkéier leeft. D'Contournementer Ëlwen an Housen verléiere mer net aus den Aen, déi vu Schieren an Ettelbréck si jo ewell gebaut.

Am Wëlzer Raum erënneren ech drun, datt dës Regierung sech net gescheit huet den Ausbau vun der Zuchlinn Kautebaach-Wolz intensiv finanziell ze ënnerstëtzen. Bussen am Stonnentakt gëtt et net nëmmen am Réidener Kanton.

Bei mengem Exposé gesitt Der, datt ee Raum feelt, an dat ass och ewell vu méi wéi engem Interlocuteur ervirgehuewe ginn, nämlech dee vun Dikrech-Ettelbréck. Dofir ass all Initiativ, déi an dësem Raum entsteet, wichteg a wäert och déi néideg Ënnerstëtzung op Regierungsniveau fannen. Si mer dann zu Dikrech-Ettelbréck, dann denke mer natierlech u Schoulgebaier, an ech wëllt hei dem Plan sectoriel, dee mer den nächste 5. Februar an dräi Kommissioune virgestallt kréien, net virgräifen. Mä nach wëllt ech ënnersträichen, datt eng Partie wichteg Décisioune fir d''Eislék getraff gi sinn.

1. De Lycée agricole bleift do wou en ass.

2. Den Dikrecher Lycée classique gëtt ausgebaut an deen, deen et net gleeft, ka kucke goen, d'Aarbechte lafen.

Et gëtt een neie Lycée am Raum Dikrech-Ettelbréck envisagéiert an de Site ass erausgesicht. De Réidener Lycée ass duerch de Regierungsrot, zu Wolz ass den zweeten Ausbau gestëmmt an am Klierwer Kanton bleiwe mer der gudder Hoffnung, datt d'Evolutioun esou wäert sinn, datt och mir e Lycée kënne kréien.

Déi meescht Gemengen, an ech schwätzen elo iwwert d'Primärschoulen, am Éislek hunn entweder zu zwou oder zu méi Gemengen zentral nei Primärschoule gebaut, respektiv huet eng Gemeng eleng, deemno wéi d'Gemenge sinn, eng Zentralschoul gebaut. Ech denken hei u Wolz, Wäisswampech, Ëlwen, mä och Heischent an nach aner Gemengen. Freeë géife si sech, wann déi néideg Subsiden aus dem Innenministère awer méi séier géife kommen.

Schoulinfrastrukturen a Sportsinfrastrukture si wichteg, mä d'Servicer ronderëm si grad esou wichteg, an ech wollt der hei zwee ënnersträichen.

D'Regionalisierung vum Inspektorat an deenen dozou gehéiernde Servicer wäert besonnesch fir d'Eislék eng Plus-value am Service public bedeiten. Dofir kann ech och nëmmen déi lokal Autoritéiten, wou déi néideg Lokaler gebraucht ginn, invitéiere méiglechst séier déi néideg Mesuren ze ergräifen, fir der Populatioun dës Servicer ze offréieren.

Ënnersträiche wëllt ech nach eng aner Initiativ, déi am LEADER-Gebitt Klierf-Veianen momentan an Ugréff geholl ginn ass, nämlech déi, fir eis Primärschoule mat Computeren ënnereneen ze vernetzen. Op alle Fall wäert dës Initiativ am SICLER mat der Gemeng Wëlwerwolz gestart ginn. Der Educatiounsministesch an hire Beamte vun hei aus eise Merci fir hir Ënnerstëtzung.

Schlussendlech wollt ech nach een Thema ganz kuerz beliichten, dat momentan am Klierwer Eck Furore mécht, nämlech dat vun de Gemengefusiounen.

Wëntger ass déi éischt fusionéiert Gemeng a kann dëst Joer seng 25 Joer feieren. Ech wollt hei e puer prinzipiell Iwwerleeungen zu Gemengefusioune maachen.

1. Prinzipiell wäert Der ni vu mir eng negativ Ausso iwwer Gemen-

gefusiounen héieren, well ech nämlech der Meenung sinn, datt Gemengefusiounen en intelligenten an en effikassen Deel vun enger gudder Politik vum Aménagement du territoire duerstellen, a si géifen d'Aarbecht an de Bäitrëtt zu muenchem Syndikat méi einfach maachen, well een dann nämlech Partner ronderëm den Dësch fënnt, déi d'Problemer op eng ähnlech oder op déi nämlecht Aart a Weis analyséieren.

2. Fir Gemengefusiounen ze erreeche muss een de Gemengen awer Zäit loossen. Fir mat der Briechstang virzegoen notzt absolut glat a guer näischt.

3. Mat dem Fusiounsgesetz ass d'Fusioun nach bäi wäitem net fäerdeg, well da geet se emol lass. Da muss een nämlech emol schaffen, fir iwwerhaapt déi Gemengen, déi een do huet, zesummen ze kréien.

4. Ze mengen d'Fusiounsgemengen esou ze gestallten, datt se direkt iwwer 3.000 Awunner géife leien a mat der Iddi, direkt an de Proporzsystem ze falen, ass menger Meenung no falsch. Fir eng Fusioun ze erreechen an eng gutt Fusioun ze erreechen, bräicht een nämlech nëmmen dat, wat ech momentan net hunn, Zäit.

Als Konklusioun wollt ech soen, datt d'Fro net déi däerf sinn, wat d'Regierung am Éislek wëllt maachen, mä si misst éischter sinn: Wat wëlle mir am Éislek? Wichteg Komponente spillen hei, an esou gutt ech wéi meng Virriedner hunn et bewisen, staark Gemengen a Gemengesyndikater, déi sech trauen op nei Weeër ze goen. Esou sinn zum Beispill am Réidener Kanton an am Klierwer Kanton Altersheimer op regionaler Basis gebaut ginn. Am Jugendberäich hu mer am SICLER en neie Projet gestart, nämlech deen, Jugendtreffen ze organiséieren op regionalem Plang fir Jugendlecher tëschent 12 an 18 Joer. Mir hoffen, datt déi och vun de Jugendleche wäerte profitéiert ginn.

Doriwwer eraus starte mer awer och Initiative wou déi eenzel Syndikater matenee schaffen. Och dat ass ewell hei ernimmt ginn. Esou wäerten déi zwee ekonomesch Syndikater Wolz, Wanseler an de SICLER, mat den zwee Naturparken de Guichet unique erëm nei an d'Liewe ruffen. An ech wollt hei ënnersträichen, datt deen éischte Guichet unique, wat e Pilotprojet aus dem Éislek wor, net un der Regierung an net un de Gemenge gescheitert ass. All Initiativ, déi mir um Terrain gesinn, do gëtt geschafft mat der Ënnerstëtzung vun der Regierung, mä déi meeschten Initiative musse vun ënnen eropkommen, an och dat huet d'Éislek bewisen a kritt et nawell ganz gutt fäerdeg.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- De leschten Diskussiounsriedner ass den Här Jean Colombera. Den Här Colombera huet d'Wuert.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Éislek, Norden, Ardennerlandschaft, dës Begréffer si fir vill Leit hei am Land synonym mat Bauerelandschaft an touristesch Excursiounen. Esou ass et net selten, datt d'Leit de Weekend notze fir an dëser Regioun de Stress ofzebauen, déi berühmten Hameschmier iessen ze goen a gemittlech Stonnen an der haaptsächlech grénger Landschaft ze notzen, fir de Geescht an de Kierper ze regeneréieren, an deem si Sauerstoff vun excellenter Qualitéit anootmen.

Dat war bis elo de prioritäre Statut vun dëser Regioun, eng Regioun, déi total am Abseits louch a läit, wat déi grouss zukünfteg Investissementer betréfft. Déi grouss Projete konzentréiere sech ëm d'Haaptstad an am Süde vum Land, mat enger grousser Rivalitéit tëschent dësen zwou Regiounen. Méi wéi d'Halschent vun eisem nationale Bruttoprodukt gëtt an der Haaptstad a ronderëm d'Haaptstad realiséiert, woumat den interregionalen Déséquiliber entsteet. D'Geschicht widderhëlt sech ëmmer an ëmmer erëm, trotz aneren Acteuren.

Fréier sinn d'Leit um dräi Auer opgestane fir op d'Arbed schaffen ze goen, owes um fënnef Auer ware si erëm doheem an hunn do weider am Bauerebetrib geschafft. Haut dësdags gëtt et nach ëmmer vill Leit, déi vum héijen Norden erof an d'Stad an nach méi wäit schaffe ginn. Mir wëssen alleguerten, datt d'Liewensqualitéit vun dëse Leit manner wéi Null ass.

***(Interruptions)***

Tatsaach ass, datt den Norde vum Land keng staark politesch Lobby huet fir seng Interessen ze verteidegen. D'Politiker vum Norde konnte sech net genuch duerchsetzen an et wore Privatinitiativen, déi et erméiglecht hunn, fir den Norden aus dem Anonymat ze befreien, virun allem d'Initiativ vum René Maertz an dem Michel Wehrhausen, déi mat hire Frënn 1979 de Klierwer Kanton gegrënnt hunn. Ouni dës Leit wär am Kanton Klierf héchstwahrscheinlech näischt gelaf, D'Schafung vum interkommunale Syndikat SICLER ass op d'Pionéieraarbecht vum Klierwer Kanton zréckzeféieren.

Sécherlech ass déi lescht Joren eng gewësse Beliewung am Norde sichtbar ginn. D'Politik versicht aus hirer Lethargie ze erwächen. Mat der Ënnerstëtzung vun der Europäescher Gemeinschaft an der Aklasséierung vum Norden als 5B-Regioun ass versicht ginn, fir schwaach strukturéiert Gebitter vum Norden ze ënnerstëtzen an hinnen eng nei Entwécklungsdynamik ze ginn. Vill Initiativen an haaptsächlech privat Initiativen am Domän vun der Kultur, dem Tourismus an der Agrikultur si realiséiert ginn. Dës Privatleit sinn innovativ Weeër gaangen an hu bewisen, dass am Norden nach ganz vill Potenzial besteet an dass d'Leit an dëser Regioun bereet sinn, fir nach méi ze maachen a sech total anzesetzen, virausgesat dass d'Politik si deementsprechend ënnerstëtzt.

Wann ech vu Politik schwätzen, da sinn domat net nëmmen déi néng Norddeputéierte gemengt, déi haut hei opgetrueden sinn, mä déi 60 Vertrieder vum lëtzebuergesche Vollek. Vertrieder där Missioun et ass, fir alle Bewunner vum Land gläichméisseg Liewenskonditiounen ze garantéieren an net nëmme Kierchtuermspolitik hei op der Chambertribün ze bedreiwen. Et ass grad dës Kierchtuermspolitik, déi massiv hei an der Chamber bedriwwe gëtt, déi dem Norden déi noutwenneg Projeten a Mëttelen entzunn huet, fir sech harmonesch ze entwéckelen.

Mir als ADR si frou, dass den Här Wohlfart d'Nordproblematik a Form vun enger Interpellatioun ugeschwat huet, mä grad seng sozialistesch Kolleegen hunn et ëmmer verstane fir de Schwéierpunkt vun der politescher Aktivitéit an de Süden ze verlageren.

***(Brouhaha général)***

Dobäi hätten d'Sozialiste kënnen a 15 Joer Regierungszäit alles besser verdeelen a si hätten ouni Zweifel vill Sympathien an der Nordregioun kritt, wann de Rehazenter, fir nëmmen deen ze nennen, zum Beispill am Norde gebaut gi wär. Dat wär theoretesch méiglech gewiescht. Mir wëssen alleguerten, wat e Rehazentrum ass. D'Leit solle sech regeneréiere goen, si solle sech ausrouen an dat an enger grénger Landschaft.

Mä et ass näischt geschitt. Déi sozialistesch politesch Lobby wollt de Rehazenter an de Süden, op Diddeleng, an op eng verseuchte Plaz. A wéi déi Demokratesch Partei hinnen e Strich duerch d'Rechnung gemaach huet an de Rehazentrum op de Kierchbierg, op eng grad esou problematesch Plaz verfracht huet, do hunn d'Südsozialiste mat dem Statslaboratoire eng Kompensatioun kritt.

Här President, hei brauch een nëmmen op d'Tribün jäizen ze kommen, e puer Sonndesrieden ze halen an da kritt een alles, wat ee wëllt.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir zielt elo egal wat.

***(Hilarité)***

M. Jean Colombera *(ADR).*- Dat ass net déi Politik, déi mir wëllen. Dovunner musse mir eis als Politiker distanzéieren.

***(Brouhaha général)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir zielt egal wat, awer wierklech egal wat.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här Di Bartolomeo, hunn ech lech ugeschwat?

Une voix.- Also d'DP distanzéiert sech vum Här Di Bartolomeo.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Et gëtt nach ëmmer vill ze vill punktuell gehandelt. Sécherlech ass et interessant, wann den Ëmweltministère zum Beispill am Kanton Veianen en un ekologesch Gesichtspunkten orientéierte Wunnengsbauprojet konzipéiert huet, wa lénks a riets e puer Wandmillen opgeriicht ginn, wann e Musée renovéiert gëtt, wann en Duerfkär nei belieft gëtt. Dat si sécherlech positiv Akzenter, mä wat ännert dat? Dat ass dem Norden a senge Leit net substanziell gehollef.

Verschidde Politiker zitéiere gär de Begréff vun der Masse critique, déi erreecht muss ginn, fir eppes ze bewegen. Mä wéi kann een am Kanton Veianen, Klierf, Réiden oder Wolz eng Masse critique erreechen? Wat sollen d'Leit aus dëse Géigenden ënnerhuelen? Solle si mat hirem Trakter hei an d'Stad kommen an d'Stroosse blockéieren, fir Gehéier ze fannen?

***(Interruption)***

Ech fannen dat inakzeptabel an enttäuschend, dass d'Politik da reagéiert, wann d'Leit dobaussen ufänken onroueg ze ginn, an d'Leit am Norde ginn onroueg. Menger Meenung no misst d'Politik duerch eng gutt duerchduechten organiséiert a preventiv Landesplanung sech fir de Bierger asetzen, egal ob de Bierger an engem Kanton vu 50.000 oder an engem Kanton vun 5.000 Leit wunnt.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Ma Dir hutt Recht.

***(Hilarité)***

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här President, den Norde brauch eng ganz nei Approche, e grénge Zentrum, en öffentlecht Forschungsinstitut, en Entwécklungsplang fir den Opbau vun enger Bioregioun, d'Waasserwirtschaftsamt, den Ausbau vun der Ackerbauschoul, den Ausbau vun der Forstwirtschaft, en neit Urbaniséierungskonzept, d'Schafung vun engem Parc d'activités tertiaires, d'Entwécklung vun der Nordstad (Ierpeldeng/ Ettelbréck/Dikrech) als drëtten urbanistesche Pôle an d'Usiedlung vun öffentlechen Administratiounen, zum Beispill engem Deel vun der Agraverwaltung.

Mat der Planung vun e puer neie Lycéeën ass e gudde Schratt ageleet ginn. Ze bedaueren ass, dass nëmmen Ettelbréck als modern Klinik ausgebaut gëtt, Wolz dogéint ëmmer méi un Afloss verléiert. D'Leit vum héijen Norde musse sech bei schwierege Fäll op Ettelbréck déplacéieren. Ze bedaueren ass och, dass op touristescher Basis et vun der Regierung verpasst gouf, zum Beispill fir d'Skipiste zu Buerschent ze ënnerstëtze...

Une voix.- Oh mei!

M. Jean Colombera *(ADR).*- ...mam Argument, dass d'Skipiste zu Bottrop net rentabel wär an esou e Fiasko virprogramméiert wär. Wéi mir awer virun e puer Méint de Bedreiwer vun der Skipiste, den Här Marc Girardelli, um RTL héieren hunn, huet hie gesot d'Skipiste wär rentabel. Wat soll een dozou soen? Sécher ass awer, dass mir eng grouss touristesch Attraktioun brauche fir den Norden.

Här President, Dir Dammen, Dir Häre, virun e puer Joer ass zu Viichten e Mosaik fonnt ginn. D'Original vun dësem Mosaik ass an d'Stad komm. Viichten huet eng Kopie kritt. D'Leit vum Norde si keng Bierger vun der zweeter Klass. Si wëlle keng Kopie vum Original sinn.

***(Interruption)***

Si hunn eng eegen Dynamik a wëlle sech profiléieren a weiderentwéckelen. Si si bereet fir dës Erausfuerderung. Dat interregionaalt Gläichgewiicht muss gefördert gi fir eng méi grouss sozial Kohesioun. Dat ass d'Missioun vun de Politiker. Den Norden ass eng eemoleg Chance fir eist Land. En ass de Joker, deen eist Land elo richteg asetze muss.

Här President, ech ginn nach zwou Motiounen of. Déi éischt geet iwwert d'Implantatioun vum Waasserwirtschaftsamt am Norden. Ech hunn nach keng Ënnerschréften. Ech hoffen, dass d'Deputéierte vum Norde mech heiranner ënnerstëtzen. Déi zweet Motioun brénge ech an am Kader vun der Dezentralisatioun, fir dass en Deel vun der Agrarverwaltung uewen an den Norde kënnt. Ech soen Iech merci.

***Motion 3***

*La Chambre des Députés*

*- considérant que suite à l'industrialisation et l'urbanisation massive du Sud et du Centre du Grand-Duché le centre de gravité de l'agriculture luxembourgeoise se situe désormais au Nord du pays;*

*- jugeant qu'une certaine décentralisation des administrations et des services de l'Etat vers des régions économiquement défavorisées contribue au développement harmonieux du pays;*

*- considérant qu'une décentralisation des administrations publiques liées au monde agricole vers le Nord rapprochera ces services davantage à la majorité de leurs utilisateurs principaux;*

*invite le Gouvernement*

*- à créer au Nord du pays un nouveau centre de services lié à l'agriculture et englobant, au moins partiellement, l'administration des services techniques de l'agriculture, le service d'économie rurale, l'administration des services vétérinaires et - dans la mesure du possible - le laboratoire de médecine vétérinaire.*

*(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

***Motion 4***

*La Chambre des Députés*

*- considérant que dans l'accord de coalition d'août 1999 „le Gouvernement a opté pour une politique concentrée en matière de gestion de l'eau qui aura comme finalité le regroupement des différents aspects ayant trait à l'économie de l'eau. Ainsi les différentes administrations et divisions de service qui, à l'heure actuelle, ont des compétences en matière de protection et de gestion de l'eau seront fusionnées dans une même entité afin de créer l'instrument nécessaire à une véritable gestion intégrée de l'eau";*

*- considérant que dans la même déclaration le Gouvernement avait prévu de garantir le niveau de vie et la compétitivité économique des régions dans le cadre du développement durable;*

*- jugeant une certaine décentralisation des administrations publiques vers des régions économiquement défavorisées propices au développement harmonieux du pays;*

*invite le Gouvernement*

*- à élaborer dans les meilleurs délais un projet de loi visant à implanter le service de gestion de l'eau dans le Nord du pays.*

*(s.) Jean Colombera.*

Une voix.- Très bien.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här Colombera, wëllt Är Fraktioun déi Motioun net ënnerschreiwen?

M. Jean Colombera *(ADR).*- Wat glift?

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Wëllt Är Fraktioun déi Motioun iwwert d'Waasserwirtschaftsamt net ënnerschreiwen?

Plusieurs voix.- Dach.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Dach, kee Problem.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Innenminister Michel Wolter.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den nördlechen Deel vun eisem Land hat während laanger Zäit en negativen Image. Den Norde stoung fir Réckstännegkeet, Ënnerentwécklung, eng Géigend, déi net un der Gesamtentwécklung vum Land bedeelegt wär respektiv net vun hir profitéiere géif.

Dëst Bild ass net nëmme vu baussen, mä och déif bei de Leit aus der Regioun verbreet gewiescht. Mir gesinn - an d'Diskussioun vun haut beweist et -, dass déi Situatioun amgaangen ass sech grondleeënd ze änneren. Déi meescht vun deenen néng honorablen Deputéierten aus dem Norden, déi haut hei intervenéiert sinn, si mat där Analys d'accord mat punktuellen Ausnahmen, déi ech beim Här Gira héieren hunn, dee vu Schlamassel geschwat huet, wann et ëm de Norde gaangen ass, an elo déi lescht dach méi humoristesch Einlag vum Här Colombera, deen der Meenung war, d'Leit am Norden hätten eng Liewensqualitéit, déi manner wéi null géif bedroen.

***(Interruptions)***

Ech wëll, well et müsseg ass, mech driwwer ze ënnerhalen, ob de Mérite vun där Entwécklung elo exklusiv bei der Regierung, bei de Gemengen oder bei der Privatinitiativ ze sichen ass, soen, dass dat eng Entwécklung ass, déi vu ville Partner op ville Plaze gedroe ginn ass, ouni dass een do vun engem exklusiv kéint schwätzen, ouni allerdéngs ze bemierken, dass een haut am Norde vun enger flächebreeder a mat gläichem Mooss gedroener Begeeschterung a vu groussem Initiativgeescht ka schwätzen. Ech kommen dorobber zréck.

Fest steet awer, dass am Norden eppes lass ass, dass am Norde ganz vill Projeten an Initiative stattfannen, an dass den Norde vun haut, ech huelen och un den Norde vu mar een aneren ass, och am Bild vun de Leit aus der Géigend an iwwert d'Géigend eraus, wéi deen Norden, dee mir nach virun zéng a viru 15 Joer kannt hunn.

Ech wéilt meng Interventioun mat e puer Remarken ufänken. Déi éischt ass déi, dass ech der Meenung sinn, an dat vläicht als Eenzegen, deen haut hei schwätzt an deen net aus dem Norden ass - op jidde Fall net aus der éischter Generatioun aus dem Norde kënnt -, dass wa mir iwwert de Norde vum Land schwätzen, mir net iwwer een Norde kënne schwätzen.

Den Norden ass vill méi villsäiteg, et ass keen homogene Grupp dee sech do duerstellt vu Gemengen, déi alleguerten déiselwecht Problemer haten, a vu Regiounen an deem Norden, déi déiselwecht Problemer hätten. Ech géif mengen, dass ee mindestens vun dräi wann net esouguer vu véier Géigende kéint schwätzen, déi een net ka pauschal an een Dëppe werfen.

Do gëtt et zum engen de Réidener Kanton, deen am Norden eng ganz extra Plaz huet, well e vill méi no zum Zentrum vum Land geleeën ass an och d'Kontakter schonn historesch gesinn e gudde Strapp méi zum Zentrum développéiert waren. Do gëtt et d'Regioun Dikrech-Ettelbréck, fir mech d'Suergekand an der Entwécklung vum Norden an déi Plaz wou mer am néidegsten hätten, dass mer eppes un d'Rulle géife kréien. An do gëtt et dann déi Regioun iwwer Dikrech-Ettelbréck, déi déi aus dem Süde vum Land d'Éislek ganz oft nennen, wat awer och net en homogene Grupp duerstellt, well ech der Meenung sinn, dass et eng grouss Differenz gëtt tëschent der Situatioun an der Aart a Weis wéi d'Leit zu Wolz denken an der Situatioun an der Aart a Weis wéi d'Leit zum Beispill am Kanton Klierf denken.

Et muss een also, wann een iwwert den Norde schwätzt, ganz nuancéiert an der Approche goen an et muss een och d'Beäntwerte vun de Froe ganz differenzéiert ugoen.

Beim Image vum Norde sinn ech der Meenung, dass et souwuel intern, an deene ville Gespréicher déi ech féieren, wéi och extern, vu baussen eran, amgaang ass engem ganz staarke Wandel ze ënnerleien. Dat negatiivt Image ass op ganz ville Plazen ënnerbrach ginn, et ass gebrach ginn an huet sech gewandelt. Beispiller si vun alle Virriedner gebraucht ginn, Beispiller déi ëmmer erëmkommen, dat huet mech gewonnert, well et si keng aner komm: de Klierwer Kanton, den Naturpark Öewersauer, den Naturpark Our, de Réidener Kanton. Véier Beispiller déi praktesch an alle Rieden erëmkomm sinn. Wann ech awer d'Kaart vum Norde kucken an ech huelen d'Flächekonstellatioun vun deenen dote véier Plazen, dann ass dat nach net de ganzen Norden, da feelen do nach eng ganz Rei Plazen, mä et spiert een eng reell Dynamik, déi aus enger Rei vun Initiativen erausgaangen ass.

Allerdéngs, an dat wëll ech ganz kloer soen, spiert een déi Dynamik awer och, well op deenen eenzelne Punkten ee praktesch konkret ka soen, wien den Investigateur vun der ganzer Geschicht war, wou den Ausléiser war. Ganz oft kann een den Développement op eng, zwou, dräi Persounen oder Associatioune festmaachen, déi am Fong den Développement vun hirer Regioun, vun hirer Gemeng, vun hirem Kanton an de Grapp geholl hunn. Eng Rei vun deene Leit sëtzen och haut heibannen, déi säit Joren a Jorzéngten dorunner schaffen. Op anere Plazen, an dat mierken ech wa mer do uewen zirkuléieren, do gëtt nach vill geklot, déi befanne sech nach an enger Zort Lethargie, do geet de Ruff no méi Stat, no méi staatlecher Interventioun, dem Stat, deen am Fong de Motor misst si vum Développement vun där Regioun oder vun deem Eck.

Ech kommen net derlaanscht zwee Beispiller ze nennen, well se mech extrem frappéieren, an der Hoffnung, well et jo eng konstruktiv Diskussioun ass, dass mer do Verbesserunge kréien. Dat ass a mengen Ae ganz kloer Wolz. Wolz, wou een net aus der Gemeng eraus haut deeselwechten Dynamismus spiert, dee mer op villen anere Plaze fannen. Ech hunn haut an der Zeitung gelies, dass d'DP aus dem Norden eng Réunioun hat iwwert d'Zukunft vun den Industriebroochen aus dem Norden, wou mäi Kolleeg, de Minister Grethen, gesot huet, dass selbstverständlech och fir d'Industriebroochen zu Wolz an an der Géigend vu Wolz déiselwecht Moyene géifen zur Verfügung gestallt gi vun der Regierung wéi dat fir d'Industriebroochen am Süden de Fall ass. Ech géif dat och nach eng Kéier wëlle vergläichen. Et kann een natierlech net Industriebrooch an Industriebrooch matenee vergläichen, mä et ass kloer dass bei der Fro vun der Sanéierung, der Fro vun der Weiderentwécklung vun deenen Industriebroochen de Stat bereet ass mat der Gemeng zesummen a mat der Regioun virun allem, well et ass dat, wat op där Plaz dringend noutwendeg ass, dass et net nëmmen eng Initiativ eleng vun der Stad a vun der Gemeng Wolz ass, mä dass doriwwer eraus d'Regioun sech och ëm de Problem do mat bekëmmert.

Deen zweete Problem, an ech kommen herno am weidere Verlaf dorobber zréck, dat ass sécher d'Géigend vun Dikrech-Ettelbréck, wou mir geschwënn net méi wëssen, wat mer nach solle maachen a wou ech och hoffen, dass déi Debatt vun haut een Ausléiser gëtt.

Wat ass d'Realitéit? D'Realitéit ass, dass den Norden an engem staarke Wandel ass, dass en awer aus enger strukturell schwaacher Situatioun eraus kënnt. D'Populatioun huet sech am 19. Jorhonnert bis wäit an d'20. Jorhonnert an der Regioun Norde ganz staark ofgebaut duerch Ofgäng an d'Ausland, duerch eng intern Immigratioun an de Süden, an et ass eréischt säit 1981 wou mer e Renversement virfannen. An deene leschten zéng Joer ass d'Croissance vun der Populatioun am Norde méi héich wéi am Duerchschnëtt vum Land.

Den Norden, wann een e mol a senger Fonctioun vun deene fënnef Kantone vum Wahlbezierk aus kuckt, huet haut ronn 68.000 Awunner am Recensement vun 2001. Déi machen eppes méi wéi 15% vun der Bevölkerung aus. Den Norde mécht awer och 45% vum Territoire aus. Dat mécht eng vun de Particularitéiten aus, déi engem, wann een iwwert den Développement vun der Regioun schwätzt, ze schaffe mécht. Déi Diskrepanz, et gëtt hei vu Masse critique geschwat, jo Masse critique brauch een, wann ee gewësse Saache wëllt développéieren. Et kann een net alles maachen, wann een net déi néideg Masse critique huet an de Raum, deen een zur Verfügung huet, engem Schwieregkeete mécht, Schwieregkeeten am Sënn vun Erausfuerderungen, déi et ze léise gëtt.

D'Densitéit: 58 Leit op de Quadratkilometer géint 170 am Land, an dann een Norden, dee sech och charakteriséiert duerch 45 Gemengen, dat heescht 38% vun de Gemenge kommen aus dem Norden. An der Moyenne liewen zimlech genau 1.500 Leit an enger Gemeng am Norden. Wa mer awer eleng d'Gemenge vun Ettelbréck an Dikrech eraus rechnen, ouni elo déi aner Gemengen, déi d'Nordstad nach betreffen - ech hu just déi zwou eraus gerechent -, da geet den Duerchschnëtt vun der Populatioun an deenen aneren 43 Gemenge schonn op 1.250 Leit zréck. Dat si ganz kleng Chifferen. Ech wëll herno nach eng Kéier dorop zréckkommen.

Wa mer iwwert den Développement vum Norde schwätzen, ass et och wichteg iwwert d'Zukunft vun eise Gemenge sech eng Kéier seriö de Kapp ze zerbriechen. Positiv ass, dass den Norde vill jonk Leit huet. 27% vun der Bevölkerung hu manner wéi 20 Joer, wat och komplett verschidden ass nach zu deem Image, dat den Norde laang Zäit hat, nämlech als en ale Bezirk, e Bezirk wou nëmmen nach eeler Leit géife wunnen. Et gesäit een, dass sech och do ganz villes geännert huet, wat dann nees an der Konsequenz d'Méiglechkeet gëtt, notamment an der schoulescher Infrastruktur, ganz aner Weeër ze beschreide wéi dat an der Vergaangenheet objektiv de Fall war.

Iwwert zwee Drëttel vun de Leit, déi am Norde wunnen, schaffen och am Norden. Et ass also net esou, wat och e wäitverbreetent Viruerteel ass, dass d'Leit aus dem Norden alleguerte géifen an d'Stad schaffe goen. Et ass e relativ gudden Taux dee mer do hunn. Et ass een Taux, dee sech d'ailleurs net nëmme fir d'Leit aus der Nordstad applizéiert, mä generell iwwert déi ganz Regioun, an et sinn nëmme 14,14% vun de Leit, déi an d'Stad selwer schaffe kommen.

Schlussendlech, fir deen dote Punkt ofzeschléissen, de Bevölkerungsundeel: D'Lëtzebuerger maachen 72% vun der Regioun aus, dat ass liicht iwwert dem Duerchschnëtt am Land, dee mer bei 63% hunn.

Et ass, Dir Dammen an Dir Hären, ganz vill am Norden an deene leschte Jore geschitt. Ech hunn och dofir meng Kolleegen an der Regierung gebiede fir ee klenge Resumé vun den Aktivitéiten duerzestellen. Et war net geduecht fir deen am Virfeld auszedeelen, mä e war am Fong als Contributioun zu menger Ried geduecht a fir den Deputéierten d'Méiglechkeet ze ginn duerno am Kader vun deene Versammlungen, déi si mat hire Bierger hunn, Informatiounsmaterial ze hunn. Et si Feeler dran, mir hunn et gesinn. Mir hunn och scho Feeler rektifizéiert. Mir hunn och wëlles dat Dokument, wat mer hei ausgedeelt hunn, op den Internet ze setzen. Dat soll am Laf vum Dag vu muer geschéien, fir dass déi Leit, déi am Norden interesséiert un deene Chifferen sinn, d'Méiglechkeet hunn iwwer Internet déi Chifferen ofzeruffen.

Et bleift awer, an do sinn ech mam Här Gira d'accord, dass mer ee grousse Problem an der Landesplanung hunn. Mer hunn an der Préparatioun vun dësem Dossier op en Neits gesinn, dass mer an der Landesplanung hei zu Lëtzebuerg praktesch keng koordinéiert Chifferen hunn. All eenzelne Secteur huet seng Chifferen. Déi sinn awer op kenger Plaz zentral gefaasst. Se leien zum Deel op de Gemengen, se leien zum Deel op de Ministèren, also e Punkt op deen ech wëll a muss erëm kommen, wa mer hei iwwert dee Bilan schwätzen, dee mer wëllen zéie vun der Landesplanung. Et schéngt fir mech urgent ze sinn, dass mer niewent dem Statec, deen eng haaptsächlech wirtschaftlech Orientatioun huet, a wa mer seriö Landesplanung wëllen an Zukunft maachen, déi op objektiv Faite sech baséiert, Datebanke kréien, déi mer amgaang si rudimentaire am IVL zesummen ze setzen, fir dass mer kënnen op eng propper Aart a Weis déi Diskussioune féieren.

Ech wëll awer och soen, dass mer am Norden eng Initiativ hate wéi mer am Süden eng haten, den Oresud, den Orenord, fir ze kucken am Kader vun de Gemengen eng Rei vun Donnéeën ze kréien. Do muss ech allerdéngs soen, dass den Echo awer net op alle Plazen dee vun der totaler Begeeschterung war, besonnesch da wann et drëm gaangen ass säin Obolus an d'Keess ze leeën, wann et drëm gaangen ass fir Donnéeën ze kréien.

Ech wëll et am Telegrammstil maachen, well ech weess, dass déi Debatt hei am Norde ganz staark suivéiert gëtt. Ech war selwer iwwerrascht iwwert déi Multitude vu Projeten, déi an deene leschte Joren am Norde gemaach si ginn. Wéi gesot, ech wëll kuerz derduerch goen, net am Detail. Den Detail ass, wéi gesot, accessibel vu muer un op Internet.

Dat geet u bei der Modernisatioun vun der Nordstreck an den 80er Joren, iwwert d'Elektrifikatioun vun der Ligne Gouvy-Rivage-Léck op Lëtzebuerg. Dat war, mengen ech, déi éischte Kéier, wou mer am Ausland zu engem Investissement bäigedroen hunn, deen als Zil hat fir eng Géigend vun eisem Land, an zwar de Norden, ze désenclavéieren. Mir hunn an den 90er Joren - an dat ass am Rapport iwwert d'Mobilitéit nozeliesen - eng ganz Rei vun Initiative geholl, wou d'Tronçonen op der Nordstreck moderniséiert gi sinn, wou Garen, notamment d'Gare vu Miersch als Projet pilote geholl ginn ass, fir en zukünftegen Aménagement ze maachen, an et ass eng ganz Rei vun Initiativen ënnerwee. Ech hunn dat zesumme gerechent. Dat maachen 90 Milliounen Euro. Dat heescht 3,6 Milliarde Frang sinn am Norde geplangt fir de Réaménagement vu Sektiounsbléck op der Nordstreck, d'Duebelgleisegkeet vum Tronçon Mëchela-Buerschent fir 14,5 Milliounen Euro, zwee Projes de loi, déi déposéiert sinn, gesi 40 Milliounen Euro vir fir de Renouvellement vun de Schinnen op der Nordstreck, fir d'Erneierung vun der Antenne Kautebaach-Wolz 31 Milliounen Euro, fir d'Erneierung vum Schinnennetz vun Ettelbréck op Dikrech op enger Distanz vun 3,5 Kilometer 2 Milliounen Euro.

Wat de Stroossebau ubelaangt: D'Nordstrooss, déi jorzéngtelaang gefrot ginn ass, déi amgaang ass realiséiert ze ginn. Ech kommen net op all déi Schwieregkeeten zréck, déi déi successiv Regierungen domatter haten, muss awer soen, dass d'Nordstrooss wesentlech dozou bäigedroen huet, dass den Norde méi no un de Rescht vum Land erukënnt, wat een als eppes Positives ka gesinn, wat awer och op där anerer Säit selbstverständlech eng Rei vun Erausfuerderunge fir den Urbanismus, fir d'Landesplanung, fir d'Aart a Weis wéi sech den Norden an Zukunft soll développéieren, mat sech bréngt. Well wann Der an Zukunft, an dat hu mer jo elo gesinn, wéi 2001 deen Tronçon opgaangen ass vu Miersch erop bis op Kolmer, wéi sech do d'Zäit reduzéiert huet, déi een op där Stréck brauch, a wann een dat extrapoléiert wann d'Nordstrooss eng Kéier fäerdeg ass, da réckelen den Zentrum zum Norden an déi Deeler déi iwwer Ettelbréck-Dikrech léien op eng hallef Stonn, op 35 Minutte un d'Stad Lëtzebuerg erun.

***(Interruption)***

Selbstverständlech net moies um aacht Auer, dat ass richteg, mä et ass awer domadder ze rechnen, dass sech doduerch fir den Norden a besonnesch fir deen Deel vum Norden nach e groussen Développement wäert maachen.

Et ass an deene leschten 20 Joer ganz vill och an de Rescht vum Stroossennetz investéiert ginn. Wann s de haut mat de Buergermeeschtere schwätz, hues de ganz aner Diskussioune wéi déi vum Stroossennetz. Punktuell si wuel nach eng Rei vu Problemer, mä et kann een awer feststellen, dass flächeméisseg do eng ganz grouss Verbesserung komm ass.

Zones d'activités ginn et der entretemps 44. Dat ass eng Evolutioun, déi virun 20 Joer eréischt ugefaangen huet. Mir hunn dräi national Zonen. Mir hu siwe regional Zonen an 34 lokal Zones d'activités am Norden an iwwert den Norden eraus - op all Kantonen hu mer se verdeelt -, déi och wesentlech dozou bäigedroen hunn, dass méi Aarbechtsplaze konnten an der Regioun geschafe ginn an dass d'Leit, déi an der Regioun wunnen, och d'Méiglechkeet hunn an der Regioun selwer ze schaffen. Ech si virdrun dorobber agaangen.

D'Gemengen hunn enorm Efforte gemaach wat d'Schoulinfrastruktur ubelaangt. Wëntger, Rammerech hunn den Ufank gemaach, an an deene leschte 15 Joer sinn noeneen zu Housen, zu Harel, zu Reiler, zu Wëlwerwolz, zu Tandel, zu Heischent interkommunal Schoule gebaut ginn, déi, dat well ech och emol eng Kéier soen, zu deene modernste Schoulen haut zielen, déi mir am Land hunn. Munchereen aus dem Norde ka sech roueg emol eng Kéier Schoulen an anere Géigende vum Land ukucke goen. Ech behaapten, well ech jo bei deenen Aweiunge ganz oft dobäi sinn, dass mer mat dee modernsten Outil Primärschoulen, mat allem wat do ronderëm gravéiert an ëmmer méi gravéiert, haut am Norden hunn.

D'Education précoce ass amgaangen opgebaut ze ginn. Dat ass allerdéngs e Problem an enger ganzer Rei vu Gemengen. Do schwätzen ech nees iwwert déi berühmte Masse critique, déi noutwendeg ass fir dat ze maachen.

Mir hunn och décidéiert an der Regierung, well mer gesinn, dass déi Fro vun de Schoulen d'Gemengebudgeten däermoosse belaascht, dass mer de Subsid fir d'Zentralschoule vu 50 op 75% hécken, mat Réckwierkung op den 1. Januar vum leschte Joer, an dass mer och déi normal Subside fir d'Gemengen, wat d'Schoulen ubelaangt, déi jo haut vun 0 op 40% ginn, virhu vun 25 op 65% ze hécken, esou dass an Zukunft all Gemeng, wa se eng Schoul baut, kann op d'mannst e Véirel vum Investissement iwwer e staatleche Subsid zréckkréien. Mir hu gemengt, dass dat wichteg wär, net nëmme fir d'Gemengen aus dem Norden, mä allgemeng fir d'Gemengen, fir en Akzent ze setzen an de schouleschen Infrastrukturen, déi, wéi gesot, d'Budgete vun de Gemengen extrem belaascht hunn an deene leschte Joren, fir do e bësse Fräiraum ze schafen en attendant aner Diskussiounen, déi mer mam SYVICOL zesumme wëllen iwwer eng méi globaliséiert Reorganisatioun vun de Gemengenfinanze féieren.

D'Madame Durdu huet et gesot. Ech géif dorobber referéieren. D'Schoulinfrastrukturen am Secondaire. Et ass, Dir Dammen an Dir Hären, alles décidéiert, och déi Geschicht vun der Ackerbauschoul. Do gëtt nach driwwer diskutéiert, ob d'Ackerbauschoul hir Versuchsfelder selwer soll bedreiwen oder ob et soll esou weidergoe wéi et haut ass, nämlech dass se bei Baueren oder a Bauerebetriber gi fir ze kucken, fir d'Versuchsfelder dann zesumme mat de Bauerebetriber ze maachen. Mä d'Lokalisatioun vun der Ackerbauschoul op deem Site, deen elo besteet, ass décidéiert. Mir haten décidéiert, dass mer en neie Site unique fir de Lycée technique vun Ettelbréck zu lerpeldeng sichen. Mir hunn zwee Joer dorunner geschafft a mir hunn elo e Site fonnt. Mä elo komme mer an eng aner Diskussioun. Mir hunn an der Nordstad 12 Sitë gesicht. Elo hu mir de Site fonnt, an elo wëllen d'Leit net verkafen.

***(Hilarité)***

Dir laacht doriwwer. Ech fänken u guer net méi driwwer ze laachen, wann ech gesinn, dass de SEBES amgaangen ass ze probéieren eng Leitung vu Miersch op Jonglënster ze leeën, dass meng Beamten all owes, oder bal all owes duerch d'Land pilgere fir mat de Propriétairë vun den Terrainen ze schwätzen an dass mer entretemps ufänken ze mierken, dass d'Leit emol net méi bereet sinn engem en Droit de passage ze ginn, fir eng Waasserleitung duerch d'Land ze leeën.

Dat sinn och Problemer wa mer iwwer Entwéckelung schwätzen, wa mer iwwer Landesplanung schwätzen, wa mer iwwert déi beschte Sitë schwätzen. Da fanne mir déi beschte Siten an da si mer an der Situatioun, dass d'Propriétairen net bereet sinn ze verkafen. Mir missten also iwwer eng Expropriatioun fueren. Et ass ëmmer eng Saach vum Präis, mä wann Der fir e Wisestéck 300.000 Frang den Ar gären hätt, dann ass dee beschte Budgetsminister vun der Welt, an deen hu mer jo bekanntlecherweis, net méi à même fir do mat ze maachen.

Mir hunn e Lycée zu Réiden décidéiert. Firwat? Mä wëll mer eng Masse critique am Réidener Kanton entre-temps vu Leit hunn, déi et erlaabt esou e Lycée ze bauen, awer nëmme sous condition, Dir Dammen an déi Hären, dass d'Kanner aus dem Réidener Kanton och herno an dee Lycée ginn an dass d'Elteren se net awer an d'Stad oder soss anzwousch an d'Lycéeë schécken, well soss riskéiere mer Lycéeën ze bauen, wou mer zwar eng theoretesch Unzuel vu Schüler hunn, déi an der Rei ass, mä wou awer herno de Betrib hallef eidel steet, well d'Vollek net mat geet. Ähnlech lwwerleeunge si mir amgaangen am Kanton Klierf ze maachen, wou mer zu Klierf e Lycée wëlle maachen. Dat gëtt och den nächste Mount presentéiert, sous condition, dass d'Bevölkerungsentwéckelung am Kanton Klierf an deenen nächste Jore sech weider esou entwéckelt, dass mer genuch Masse critique hu fir dee Lycée och kënnen ze bedreiwen.

Ech mengen, Landesplanung, Dezentralisatioun, Regionalisatioun ass gutt, mä si ass awer nëmmen da gutt, wa me och déi néideg Unzuel vu méiglechen Usageren op der Plaz an an der Géigend hunn, fir kënnen esou en Outil ze bedreiwen.

D'kulturell Infrastrukturen am Norden gi gefördert, mengen ech, wéi kaum op enger anerer Plaz. Et geet u bei Schlässer. Veiane fir 400 Millioune restauréiert. Zu Klierf d'Schlass komplett restauréiert, Family of Man eragesat. Och zu Buerschent: grouss Effortë gemaach fir d'Restauratioun vum Schlass. Mir hunn d'Restauratioun vun der Koffergrouf zu Stolzebuerg gemaach mat Installatioun vun engem Musée. Mir sinn amgaangen e Projet ze maache fir d'Schiefergrouwen zu Maarteleng. Entre-temps ass de Stat Propriétaire dovunner ginn.

Zesumme mat Sites et Monuments sinn am Norden Dausende vun Haiser an deene leschte Jore restauréiert a renovéiert ginn.

Et ass de Centre des arts pluriels Ed Juncker zu Ettelbréck geschafe ginn, deen e Modell kéint si fir eng méi intensiv Kollaboratioun tëschent de Gemengen an a ronderëm d'Nordstad, deen net manner wéi 16.000 Visiteuren dat éischt Joer ugezunn huet, de Cinéma zu Ëlwen. Grouss Projete fir d'Zukunft sinn do: de Centre culturel zu Wolz, de Centre culturel zu Maarnech, d'Maison Goergen zu Wëlwerwolz, déi als Haus vun der Lëtzebuerger Sprooch soll ausgebaut ginn.

Sportsinfrastrukturen. Ech hunn dat opgeschriwwen, mä ech hunn net genuch Zäit, fir dat hei ze développéieren. An deene leschten dräi Fënnefjoresplang sinn insgesamt 25 Milliounen Euro, dat heescht eng Milliard aler Frang, a sechs Halls multisports, ee Centre multisports, siwen Halls des sports, fënnef Salles des sports, 19 Sportsterrainen, véier Tennishalen, zwee Tenniszentren, zwee Tennisterrainen, ee Bassin d'apprentissage, fënnef zoue Piscinen, zwou oppe Piscinen, e Centre aéronautique zu Useldeng.

***(Brouhaha général)***

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Elo lauschtere mer emol dem Här Minister no.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Dann nach eng Piste fir Motocross zu Boukels an e Centre nautique zu Lëlz.

Am nächste Plan quinquennal, dee vum Joer 2003 bis zum Joer 2007 geet, ass virgesinn...

Une voix.- Deen zweetgréisste Flughafen.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Ech géif ëm Är Opmierksamkeet bieden.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Et ass virgesinn e Stade omnisports zu Dikrech ze maachen, eng Hall multisports zu Useldeng, e Centre sportif zu Dikrech, zwou Sportshalen, eng zu Wëlwerwolz an eng zu Ettelbréck, eng Salle des sports zu Gilsdrëf, e Sportsterrain zu Mäerzeg, e Fussballsterrain zu Wëntger, véier zoue Piscinen: zu Dikrech, zu Wëntger, zu Klierf an zu Kolma-Bierg, en Aérodrome zu Useldeng an e Kajaksstadion zu Dikrech. Dëst stellt insgesamt en Investissement vu 25 Milliounen Euro, enger Milliard aler Frang duer, déi eleng am Sport an deenen nächste Joren an den Norde vun eisem Land sollen investéiert ginn.

***(Interruption)***

Dëst ouni vum Bau vun enger Hall multisports fir de Lycée classique vun Dikrech, ouni vun enger Piscine an enger Hall des sports am Lycée vu Wolz; an ouni vun där Piscine à grande dimension, déi zesumme mat enger Dose Gemengen am Raum Ierpeldeng fir d'Nordstad, fir d'Schüler, mä och fir d'Kanner aus deene Gemenge soll gebaut ginn, ze schwätzen.

D'Sozialinfrastrukturen: zu Holztem 20 Plazen am Centre psychogériatrique, 110 Plazen am Centre intégré pour personnes agées vu Réiden, 97 Better an der Maison des soins, Transformatioun an Extension zu Dikrech.

Structures socio-familiales: e Jugendzentrum zu Grooljen, e Centre de rencontre pour jeunes zu Ëlwen, zu Helzen, zu Wäisswampech, e Jugendzentrum zu Bëttel, e Scoutschalet zu Dikrech, d'FNEL zu Uerschdrëf.

***(Brouhaha général)***

Une voix.- Très bien.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Infrastrukture fir Handicapéierter: d'Fondation autisme, de Foyer d'accueil an den Atelier protégé zu Munzen, rezent ageweit d'Coopération Wolz mat Ateliers protégés an Transformatiounen.

Et ginn zwee Internater am Norde gebaut: een zu Dikrech mat 108 Better, een zu Ëlwen fir Primärschoulkanner mat 62 Better.

An der Planung ass e grousse Centre intégré fir eeler Leit zu Ettelbréck mat 137 Better.

Ech iwwersprangen d'Jugendpolitik, wou Initiativen an enger ganzer Rei vu Gemengen an deene leschte Jore geholl gi sinn. Ech kommen op de Logement. De soziale Wunnengsbau ass ugeschwat ginn. Am Fënnefjoresplang, an deem aachte Programme de construction d'ensembles, sinn net manner wéi 18 Projeten, déi de Logement ubelaangen, déi am Norde projezéiert si mat insgesamt 723 Wunnunitéiten, déi solle gebaut ginn, dovunner 473 an enger Zone d'assainissement, 96 nei Logementer, déi solle verkaaft ginn, 134 lokativ Aménagementer an 20 Bauplazen, déi solle vun de Gemengen amënagéiert a verkaaft ginn.

Am Kader vum Tourismus sinn am sechste Plan quinquennal 165 Millioune Lëtzebuerger Frang an den Norde gaang: an d'Moderniséierung vum Camping vu Wäisswampech, an d'Renovéierung vum Barteshaus zu Wëntger, an den neie Bureau d'accueil zu Dikrech, an d'Moderniséierung vum Bureau d'accueil zu Veianen, an d'Moderniséierung vum Musée Victor Hugo zu Veianen an an d'Remise en état vum Corneliushaff. D'nächst Woch oder d'iwwernächst Woch gëtt dee Bau zu Hengescht ageweit.

Ech schwätzen elo net iwwert d'Syndicats d'initiative, well awer soen, dass d'Syndicats d'initiative am Norde mat 190 Milliounen am leschte Fënnefjoresplang ënnerstëtzt gi sinn. An eng ganz Rei vu Projete sinn am nächste Fënnefjoresplang vum Tourismus, deen an deenen nächste Woche soll diskutéiert ginn, virgesinn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Wann Dir nach fënnef Minutten Zäit hätt!

M. le Président.- Ech géing lech bieden dem Minister nozelauschteren. Et ass eng impressionant Bilanz, déi den Här Minister virféiert an déi soll jiddferee wëssen.

***(Hilarité)***

Fuert weider Här Minister. Et ass ganz interessant.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech muss op déi Remarque vum Här Mehlen, wat jo e grousse Lokalpolitiker a Regionalpolitiker ass, an dee vill manner enk dat gesäit, wann et sech ëm den Osten handelt, dass den Innenminister net tributaire ass vum Ordre a vun der Aart a Weis wéi d'Chamber sech Zäit gëtt. Den Interpellant huet 35 Minutte geschwat. Ech sinn, et deet mir Leed, net à même fir d'Problemer vum Norden an d'Diskussiounsfelder, déi sech am Norde stellen, innerhalb vun 20 Minutten hei kënne valablement ze traitéieren. Elo musst Dir mir soen, ob Dir net méi wëllt, dass ech weider fueren. An deem Fall halen ech op a ginn lech de Rescht schréftlech eran.

M. Jean-Pierre Koepp *(ADR).*- Neen, mir lauschteren lech gär no.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir hutt nach näischt iwwert déi nei Telefonscabine zu Schlënnermanescht gesot.

***(Hilarité)***

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Précisément ass et dat do, wat vill Norddeputéierten u Leit, déi net aus dem Norde kommen, absolut net kënne leiden, déi doten Aart a Weis, fir iwwert den Norden ze schwätzen.

***(Interruption)***

Des voix.- Très bien.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech verstinn net, Här Minister, dass Dir esou maacht, wéi wann dës Regierung dat doten alles gemaach hätt. Do si vill Gemengen, déi hu ganz vill dofir misse berappen. Ënner anerem gëtt de Centre des arts pluriels als grouss Errungenschaft duergestallt. Do huet d'Ettelbrécker Gemeng zwee Drëttel bezuelt.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Loosst dach den Här Minister schwätzen. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert net.

Här Minister fuert weider an déi aner lauschteren no.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech weess net wou den Här Di Bartolomeo viru ronn zéng Minutte war, mä ech hu ganz kloer am Ufank vun deem Deel vun deem ech elo hei geschwat hu gesot, dass dat Infrastrukture sinn, déi net vum Stat eleng dohinner gesat gi sinn, mä dass déi vun de Gemengen mat der Mathëllef vum Stat ganz oft gebaut gi sinn.

Am seltenste Fall sinn déi Saachen, déi ech hei elo opgezielt hunn, duerch den integrale Finanzement vun enger Gemeng gemaach ginn. Am heefegste Fall, ech géif souguer soen a bal alle Fäll, huet ënnert enger Form oder enger anerer e Subsid vum Stat dozou bäigedroen, fir der Regioun Norden, iwwert déi mir hei schwätzen, d'Méiglechkeet ze ginn, fir en Développement ze hunn, deen och an anere Géigende vum Land gang und gäbe ass.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Och zu Diddeleng, Här Minister!

Une voix.- Très bien.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech iwwersprangen d'Kapitel iwwert d'Strukturfongen. Den Här Schank huet ausgiebeg doriwwer geschwat. Hien huet och de Rôle vun de Strukturfongen, notamment dem Objectif 5B a dem LEADER-Programm, op den Développement vun enger ganzer Rei vun Initiativen am Norden ervirgehuewen an och de finanziellen Impakt vun deene Fongen, déi 30 Milliounen Euro, déi do gefloss sinn, zesumme mat der Bündelung vu Kräften, déi doduerch entstanen ass. Haut schwätzt jo all Mënsch vum Naturpark Öewersauer.

Mäi Kolleeg Bodry, den Här Loes an den Här Schank kéinten lech awer nach e puer Saachen iwwert den Naturpark Öewersauer a seng Entstehungsphas erzielen, dass dat guer net esou einfach war, fir d'Leit dovunner ze iwwerzeegen, dass een nei Weeër soll goen, dass een aus de getréppelte Weeër misst erausgoen. Toujours est-il, dass déi dote Programmer, also eng communautaire Initiativ, Här Di Bartolomeo, wou de Stat bäigedroen huet an déi eenzel Gemenge selbstverständlech och hiren Obolus bäigedroen hunn, wesentlech zum Entstoen an zum Gedeie vum Naturpark Öewersauer an hoffentlech och zur definitiver Konstitutioun vum Naturpark Our an nächster Zukunft bäigedroen hunn.

Ech kommen zu menger Conclusioun: Den Norden ass an deene leschte Joren duerch seng eege Kraaft an duerch d'Hëllef vu baussen e ganzt Stéck gewuess. Et si ganz vill Infrastrukturen an den Norde vum Land komm a mir hu gesinn, dass och fir d'Zukunft an der Pipeline nach munches ass. Ech soen awer, an dat wollt ech kuerz développéieren a vläicht renvoyéieren op eng aner Diskussioun, well ech gesinn, dass et ufänkt méi komplizéiert ze ginn, dass et net duer geet an Infrastrukturen ze investéieren.

Wat a mengen An extrem wichteg ass fir den Norden, a wa mir iwwert d'Zukunft schwätze vum Norden, ass en Développement vu Strukturen, vu Kooperatiounen, déi nach rudimentaire bestinn, déi op verschiddene Plaze ganz gutt fonctionnéieren, op anere Plazen iwwerhaapt net fonctionnéieren, mat allen Tëschepaletten, déi mir do kennen, déi ech awer perséinlech als wesentlech gesinn, wa mir deen Développement, deen an der Landesplanung an am Programme directeur fir den Norde virgesinn ass, a wa mir déi Plaz fir den Norden, déi hei vun deenen eenzelnen Deputéierten och ugemahnt ginn ass, wëllen erreechen, da bleift nach munches ze verbesseren.

Do komme mir Stéchwierder, wéi Régionalisatioun, Déconcentratioun an Dezentralisatioun an de Sënn, woubäi, wann ech iwwer Dezentralisatioun och munches ze soen hätt, et méi einfach ze soen ass, Dir musst eng Administratioun esou an esou vun do op dohin déplacéieren, wéi dass et en fin de compte ze maachen ass.

Ech verheemlechen net, dass ech drun denken an dass ech dru geduecht hunn, fir d'Waasserwirtschaftsamt an de Raum Nordstad ze setzen. Ech hunn allerdéngs vu menge Beamte mer d'Struktur komme gelooss vun der Plaz wou déi Leit, déi haut am Waasserwirtschaftsamt schaffen, wunnen an da soen ech lech, wa mer vun hirem Objectif aus gi fir ze soen, mir maachen deen doten Déplacement bis hin zur konkreter Realisatioun vun deem Ganzen, en sachant pertinemment wéi einfach et hei zu Lëtzebuerg ass, fir d'Leit an eng gewësse Mobilitéit eranzekréien - dat ass jo een Exercice deen hei zu Lëtzebuerg vill méi einfach ass wéi am Rescht vun der Welt -, da wäerte mer nach ganz vill Schwieregkeete begéinen, an och vläicht berechtegt Schwieregkeeten aus der Siicht vun deene Leit déi et concernéiert. Also och do muss ee ganz mat Fangerspëtzegefill virgoen an et muss een dat Ganzt an ee Kader kënne setzen.

Ech sinn der Meenung, dass och Stéchwierder wéi Kompetitivitéit, Complémentaritéit, Universalitéit wichteg si fir den Norden. Den Norden huet net d'Vokatioun een Naturreservat ze sinn. Den Norden huet och net d'Vokatioun en Erhuelungszentrum fir gestresste Leit aus dem Zentrum an dem Süden eleng ze sinn. Ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer an deenen dräi Planungsregiounen, déi mer wëllen am Norde schafen, eng op déi eege Regioun ofgestëmmten Entwécklung wëlle proposéieren, an dat ass net fir all Planungsregioun déiselwecht. Ech ginn d'ailleurs ze considéréieren, dass, wann Der de Plan directeur gutt gekuckt hutt, an et ass kaum an Niewesätz ernimmt ginn, sech d'Planungsregioun Norden am Sënn vun Ettelbréck-Dikrech, also d'Nordstad, sech wesentlech bis




**www.avenir-europe.lu**

*de Lëtzebuerger Site*
*iwwert den EU-Konvent*

an den Zentrum era wäert développéieren an den zweete Centre de gravité an där Regioun Miersch ass, dass also vum Programme directeur vun der Landesplanung hier ganz kloer d'Nordstad als deen zweete Pôle de développement niewent Esch ugesi gëtt, an et dofir noutwendeg ass, dass mer eis d'Moyene gi fir deen Développement ze maachen.

Mir wëllen dräi Regioune maachen. Mir wëllen an deene Regiounen am Kader vun der Déconcentratioun, Pôle schafen, déi staark genuch sinn, fir dass d'Aktivitéiten an deenen eenzelne Regioune kënne gemaach ginn. Mir wëllen - an dat hunn ech bei bal alle Leit de Mëtten hei héieren - net nëmmen hei driwwer schwätzen, mä mir sinn an der Flicht alleguer, Här Di Bartolomeo, Regierung, Regionalpolitiker, Gemengevertrieder a Bevölkerung,...

***(Interruptions)***

...fir dat Konzept vun der Nordstad, Realitéit ginn ze loossen. Déi Realitéit ass net nëmmen eng Zesummenaarbecht um Niveau vum Centre des arts pluriels, et ass net nëmmen eng Zesummenaarbecht fir ee Pompjeesbau ze schafen, et ass net nëmmen eng Zesummenaarbecht fir Jugendzentren opzeriichten. Dat si luewenswäert Initiativen, mä wa mer déi Iddien an déi Gedankegäng, déi net kontestéiert sinn, Här Gira, an déi och am Programme directeur dra stinn - do steet ganz kloer dran, wat fir eng Missioun d'Nordstad soll hunn -, da muss dat méi wäit goen. Da muss et méi wäit goe wéi déi Verkéiersetüd, déi awer ee wichtege Bestanddeel ass, mä da muss et esou wäit goen, dass d'Leit sech och domadder identifizéieren.

Ech wäert de Gemengen, déi ech d'ailleurs a regelméissegen Ofständ ëmfänken, soen, d'Initiativ misst vun ënne kommen, d'Initiativ misst aus de Gemengen eraus kommen a si missten déi Saach elo an Ugréff huelen. Ech wäert se nach eng Kéier ruffen. Ech mengen, dass mer eng Initiativ musse starten, ähnlech wéi mer dat am Süde gemaach hunn, fir ze probéieren an der Nordstad e Flächennutzungsplang ze kréien. Mir mussen ewech komme vun deene strikte lokale Grenzen, wat Gemengegrenze sinn, a mussen an enger éischter Phas hikommen zu enger Kooperatioun vun de Gemenge vun Ettelbréck, Ierpeldeng an Dikrech, an an enger zweeter Phas vun deem Krees ronderëm.

Wann ech soe Flächemanagement, dann heescht dat Ausweisung vun Zonen, wou mer der Meenung sinn, dass d'Bevölkerung sech soll weider vergréisseren, weidere Logement soll kommen. Ausweisung vun Zonen, wou méi wirtschaftlech Aktivitéite sollen hikommen, kombinéiert mat engem seriöse Verkéiersplang fir déi ganz Regioun.

Mer brauche staark Gemengen. Ech sinn elo aacht Joer Minister vum Intérieur. Ech mengen, dass ech entretemps e gudden Iwwerbléck hätt iwwert d'Potentialer an iwwert d'Méiglechkeeten, déi mer an de Gemengen hunn an ech waarde mat relativ vill Enthousiasmus op déi Debatt vun der Répartition Etat-communes, déi mer an dësem Fréijoer nach hoffentlech wäerte féieren, well et an der Fro vun der Répartition Etat-communes wesentlech drop ukënnt, wéi mer d'Zukunft vun eise Gemengen definéieren. Ech soen dat hei an der Debatt iwwert den Norden, well de Gros vun deene ganz klenge Gemengen, vun deene strukturschwaache Gemengen, vun deene Gemenge wou ech perséinlech der Meenung sinn, dass se net méi à même sinn hire Leit dee Service unzebidden, deen noutwendeg ass fir eng gutt Gemeng ze sinn, dass déi an där Regioun do leien.

Ech weess, well et jo probéiert ginn ass an de 70er Joren, dass dat eng Diskussioun ass, déi een net mat der Briechstaang ka féieren. Et ass och net esou wéi mer dat gesinn, mä mir ginn awer gefrot op enger ganzer Rei vu Plazen, an dat ass dat, wat mech jo esou positiv stëmmt, dass ech mierken, dass op ganz ville Plazen, besonnesch am Norden an och esouguer Leit am Osten ufänke sech Gedanken ze maachen, eng Rei vu Buergermeeschteren a Schäfferéit der Meenung sinn, dass si net méi wëlle weider fuere mat Unitéite vu 700, 900, 1.300 oder 1.500 Leit.

D'Ausland huet d'ailleurs d'Fro beäntwert. An Däitschland hu se sech d'Fro gestallt a se beäntwert. An der Belsch hu se sech d'Fro gestallt a se beäntwert. Frankräich, wat jo ëmmer als Muster duergestallt gëtt hei zu Lëtzebuerg vun deene 36.000, ass amgaang se ze beäntweren iwwert d'Communauté de communes, iwwert d'Agglomérations urbaines, déi automatesch no aacht oder no zéng Joer d'Fusioun vun deene Gemengen, déi sech do zesummen doen, beinhalten. D'Fransouse sinn amgaangen hir Gemengen ze probéieren innerhalb vun deenen nächsten zéng Joer op manner wéi 10.000 ze reduzéieren.

Mir mussen eis d'Fro stellen, an och am Norde musse mer eis se stellen, an anere Géigenden awer och, ob eng Gemeng net muss esou grouss, esou vill Moyenen, esou vill Masse critique hunn, dass se hire Bierger esouwuel technesch wéi sozial, éducativ wéi administrativ e volle Service ka bidden. Mir wäerten an deenen nächste Jore gesinn, dass nach méi Kompetenzen, déi de Stat huet, wäerten d'Tendenz hunn erofgelagert ze ginn an d'Proximitéit, dat heescht bei eis op d'Gemengen. Mir mussen, esouwuel wat de politischen Encadrement wéi och wat den administrativen Encadrement ubelaangt, d'Moyene schafe fir dat ze maachen. Wéi gesot, ech spieren op ganz ville Plazen, dass dat vun ënnen erop kënnt.

Dir sot mer: Du bass e bëssen ze vill optimistesch an dat geet net esou séier. Et ass méiglech, dass et net esou séier geet. Mä ech kann Iech awer soen, dass, wéi mer viru fënnef Joer d'Diskussioun iwwert d'Ofschafe vun de Sektiounen, iwwert d'Ofschafe vum zweete Wahlsonndeg an deene selwechte Majorzgemengen haten, do hunn d'Leit och am Ufank gesot, dat dote kriss du ni duerch. Et ass d'ailleurs interessant ze gesinn, dass wann ech op ville Plazen déiselwecht Leit begéinen, déi deemools géint d'Ofschafe vun de Sektioune waren, déi mer soen, dass se haut géint all aner Organisatioun vun der Gemengestruktur sinn.

Mä dat ass eng Fro, déi ech net wëll ausdiskutéieren, well mer am Kader vun der Debatt Etat-communes dorobber kommen. Et ass fir mech awer e wesentleche Punkt fir méi Visibilitéit ze kréien, fir d'Strukture méi einfach ze kréie fir déi Abberzuel vu Syndikater, déi do dra sinn, a Riesesyndikater, an zudeem fir d'Problematik besser kënnen ze léisen. Et géif eng Verbesserung duerstellen, och vun der politescher Aarbecht, well een doduerch iwwert de Congé politique och eng ganz Rei Saache kéint aneschters regléieren, a last but not least wäert et eis och d'Méiglechkeet gi fir d'Gemengefinanzen mat engem anere Bléck ze kucken.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech entschëllegen, besonnesch bei de Vetrieder vum ADR, dass ech esou laang an esou exhaustif war, mä ech hu gemengt dass et wichteg wär an engem kruziale Moment, wou mer an deenen nächste Méint d'Diskussioun kréien iwwer Etat-communes, wou mer d'Diskussioun kréien iwwert d'Landesplanung, wou mer d'Diskussioun kréien iwwert d'Zukunft vum Programme directeur, wou mer d'Debatt kréien iwwert d'Zukunft vun der Regionalisatioun a vun der Déconcentratioun um Beispill vum Norden ze weisen, dass ee ganz villes ka maachen an dass nach ganz villes ze maache bleift.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Gast Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech wollt just op d'Replik vum Här Minister äntwerten. Den ADR hat kee Problem domat, dass den Här Minister esou laang hei geschwat huet. Ech wollt just drun erënneren, dass Dir, Här President, de Mëtteg, gesot hutt, mir sollten eis un d'Zäit halen. Mir misste vläicht an der Presidentekonferenz an Zukunft kucken, wéi laang dass d'Regierung gären zu den Interpellatioune schwätzt, a wann d'Regierung seet, mir schwätze gäre 40 Minutten dozou, da solle mer dann eben higoen an den Temps de parole 2 huelen, fir dass dann d'Fraktiounen och deementspriechend Zäit hätten, amplaz dass mer en Temps de parole festleeën, dee mer herno net anhalen.

M. le Président.- Et ass ëmmer schwéier, well néng Riedner hunn de Mëtteg geschwat, an de Minister muss deenen dann alleguerten äntwerten. Wann en nëmmen op d'Halschent äntwert, kritt e virgeworf en hätt keng komplett Äntwert ginn. Ech mengen, mir sinn net esou klenglech. Jiddferee versteet, dass mer bei esou enger wichteger Debatt wéi där heiter net mam Chronometer do sëtzen a soen: Elo ass dee schonn dräi Minutten iwwert d'Zäit.

Also, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kapitel vun den Diskussiounen ass ofgeschloss, a mir kommen elo zum Vote vun de Motiounen. Et si véier Motiounen abruecht ginn. Zur Motioun 1 freet den Här Gira d'Wuert.

***Motions***

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wollt ganz kuerz am Numm vun der grénger Fraktioun Positioun zu alle Motiounen huelen. Ech wollt soen, dass mer bei der Motioun vun der LSAP der Meenung sinn, dass an deem zweete Considérant, dat drëttlescht Wuert „routières" iwwerflëssig ass, well mir als Gréng der Meenung sinn, dass dat de mannste Problem ass, deen am Norden existéiert, de Mangel u Stroosseninfrastruktuen. Mä de Rescht vun der Motioun kënne mer awer deelen, esou dass mer déi géinge stëmmen.

Ech wollt zu deenen zwou Motioune vum ADR soen, dass mer eis enthalen, well mer hir Approche awer e bësse simplistesch fannen. Mir sinn déi, déi zënter éiweg fir eng Dezentraliséierung vu staatleche Servicer plädéieren. Ech weess awer net ob et d'Léisung ass, fir deen een oder aneren nëmmen eemol existéierende Service wëlle per force an den Norden ze setzen, mat all deene Problemer, déi de Minister elo évoquéiert huet, déi ech och verstinn. Ënnert Dezentraliséierung vu staatleche Servicer versti mir éischter dass all existéierend Servicer, wéi zum Beispill Steierverwaltung, Enregistrement an esou weider, méi staark eng Présence um Terrain hunn. Dat misst jo haut mat deene moderne Kommunikatiounsmethode méiglech sinn. Dat hei ass eis e bëssen ze simplistesch an dofir géinge mer eis bei deenen zwou Motiounen enthalen.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, well déi zwou Motioune sech un den Transportminister riichten, wëlle mer den Auteure matdeelen, dass mer déi net kënne stëmmen, well mer näischt kënne stëmmen, wou mer net capabel sinn an deem Laps de temps, deen eis elo nach bleift, dat ze realiséieren.

M. le Président.- Mir stëmmen dann iwwert déi Motiounen of. Ass e Vote électronique verlaangt?

***(Assentiment)***

***Vote***

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 33 Neen- a 25 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nelly Stein), Norbert Haupert (par M. Paul-Henri Meyers), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jeannot Belling), John Schummer et Théo Stendebach.*

Da komme mer zur Motioun 2. Dir hutt se schréftlech virun Iech leien. Si ass explizéiert ginn an ech mengen, dass mer direkt kënnen driwwer ofstëmmen.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 2 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 34 Neen- a 24 Jo-Stëmme verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jos Scheuer), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean Asselborn), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf (par M. Lucien Weiler), Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach.*

Mir kommen dann elo zur Motioun 3.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun 3 ass mat 34 Nee-Stëmmen, 7 Jo-Stëmmen a 16 Abstentioune verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf (par M. Gusty Graas), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

Mir kommen dann zur Motioun 4. Et ass awer nëmmen eng Ënnerschréft dorop.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här President, ech wollt domatt d'Norddeputéierte froen ob se mech kéinten ënnerstëtzen. Wann dat net de Fall wär, da géif ech meng Fraktiounskolleege biede mer déi fënnef Ënnerschréften ze ginn. Et geet drëms dass d'Norddeputéierte mech ënnerstëtzen, a méi net.

M. le Président.- Wien ënnerstëtzt déi Motioun 4?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, eis Fraktioun ënnerstëtzt selbstverständlech déi Motioun, well si ass ganz wichteg fir den Norden.

M. le Président.- D'Motioun 4 gëtt ënnerstëtzt niewent dem Här Colombera nach vun den Häre Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling a Jean-Pierre Koepp. Mir stëmmen dann of iwwert d'Motioun 4.

Déi fir d'Motioun 4 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 34 Nee-Stëmmen, 7Jo-Stëmmen a 16 Abstentioune verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling) Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Omt voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M.*

*Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf (par M. Lucien Clement), Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Lucien Weiler), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendofr, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), Jos Scheuer et Georges Wohlfart;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

Mir kommen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Diskussioun vum Projet de loi 4961, eng Ofännerung vun der Konventioun vun Espoo. Et sinn agedroen: déi Häre Schank, Bodry, Mehlen a Gira. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gusty Graas.

## 8. 4961 - Projet de loi portant approbation de l'amendement à la Convention d'Espoo sur l'évaluation de l'impact sur l'environnement dans un contexte transfrontière, adopté à la deuxième réunion des Parties à la Convention à Sofia, le 27 février 2001

***Rapport de la Commission de l'Environnement***

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 15. Juni 1993 hu mir hei an der Chamber d'Konventioun vun Espoo gestëmmt gehat, an zwar geet et do iwwer Impaktstudien, déi an engem grenziwwerschreidende Kontext gemaach ginn. D'Gesetz dréit zwar den Datum vum 29. Juli 1993, d'Konventioun selwer ass awer eréischt den 10. September 1997 a Kraaft getrueden, bedéngt duerch déi spezifesch Prozedur, déi muss ugewannt gi fir international Konventiounen.

De Prinzip vun där Konventioun besteet dodran, datt, wann e Stat e Projet realiséiere wëllt, deen haaptsächlech laanscht seng Grenzen aménagéiert gëtt, an deen och en Impakt op d'Grenz niewent dem Stat huet, dann deementspriechend eng Impaktstudie muss gemaach ginn.

An der Konventioun gëtt als Impakt d'Awierke vun enger ekonomescher Aktivitéit op den Environnement ugesinn. Um Niveau vun der Europäescher Unioun ass dës Konventioun ëmgesat ginn duerch d'Direktiv 85/337, déi dann och modifizéiert ginn ass duerch d'Direktiv 97/11. D'Bewäertung vun der Inzidenz op d'Ëmwelt ass jiddefalls ëmmer och an de Genehmegungsdossieren integréiert. Dat heescht also, datt d'Leit mussen informéiert a selbstverständlech och gehéiert ginn. Déi europäesch Reglementatioun mécht allerdéngs en Ënnerscheed tëschent deene Projete wou d'office muss eng Impaktstudie gemaach ginn an deenen anere Projeten, wou vu Fall zu Fall gekuckt gëtt ob eng Impaktstudie soll realiséiert ginn. Allerdéngs ginn do natierlech spezifesch Kritären applizéiert.

Da kann ee soen, datt dës Konventioun ouni Zweiwel dozou gefouert huet, datt d'Grenzen am Ëmweltberäich ugefaangen hunn ze verschwannen.

Si huet eis u sech e wichtege Schrëtt weiderbruecht an der géigesäiteger Consultatioun tëschent deenen eenzelne Staten a si erlaabt eis et u sech och haut a méi enger oppener Atmosphär iwwer öffentlech Dossieren ze diskutéieren. Ech wëll op dëser Plaz nach enger kuerz un déi wichtegst Obligatiounen erënneren, déi déi Parteien, déi d'Konventioun ënnerschriwwen hunn, respektéiere mussen.

Zum Beispill mussen natierlech all Moossname geholl ginn, dass den Impakt vun engem Projet op d'Ëmwelt esou geréng wéi méiglech ass. All déi Parteien, déi duerch esou e Projet kënne beréiert ginn, mussen esou fréi wéi méiglech doriwwer informéiert ginn, dat heescht si mussen den Dossier direkt zougestallt kréien. Eng aner wichteg Obligatioun ass déi, dass déi Leit, déi an där betreffender Zon leien, d'Méiglechkeet gebuede musse kréien den Impakt op d'Ëmwelt selwer mat kënnen ze bestëmmen.

De Moment, wou déi definitiv Décisioun da geholl gëtt, fir de Projet ze realiséieren, si jiddefalls d'Resultater vun där Impaktstudie mat Sécherheet dann awer och a Betruecht ze zéien. Schlussendlech kann een festhalen, dass de betraffene Parteien dës Décisioune selbstverständlech musse matgedeelt ginn.

Och fir Lëtzebuerg huet dës Konventioun ouni Zweifel eng gewësse Bedeitung, well mir si jo awer vu Länner ëmginn, déi an der Vergaangenheet deen een oder deen anere Projete realiséiert hunn deen eng direkt Inzidenz op den Environnement bei eis hat. Ech denken natierlech hei un éischter Linn u Cattenom. Et kann ee roueg behaapten, wann eng Konventioun vun Espo an de 70er respektiv an den 80er Jore bestanen hätt, dann hätt een en anert wierksaamt Instrument gehat, fir géint dee Projet virzegoen. Bei eis sinn u sech déi Bestëmmunge vun der Konventioun vun Espoo am Kommodosgesetz vun 1999, dem Naturschutzgesetz vun 1982 awer och dem Gesetz vum 16. August.1967 iwwert de Stroossebau an dem Fonds des routes zréckbehalen.

Fir allerdéngs en eventuelle Vide juridique an där ganzer Matière hei ze évitéieren, gëtt de Moment d'Kommodosgesetz an d'Naturschutzgesetz ëmgeännert respektiv adaptéiert. Dann huet Regierung jo och décidéiert, fir nach e Spezialgesetz ze maachen, wat d'Ëmsetzung vun de communautaire Réglementatiounen a folgende Beräicher betrëfft: de Stroossebau, de Flughäfen an d'Schinneninfrastrukturen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 27. Februar 2001 ass en Amendement vun der zweeter Réunioun vun de Parteien zu Sofia ugeholl ginn. Et ass u sech deen Amendement, deen d'Basis ass vun deem Gesetzesprojet, dee mir solle stëmmen. U sech verfollegt en zwee Haaptobjektiver. Éischtens: D'Notion publique gëtt méi preziséiert, dat heescht, dass an Zukunft den Dialog mat de Leit nach méi intensiv soll gefouert ginn. Ech denken natierlech do un éischter Linn un d'Zivilgesellschaft. Dann zweetens soll dës Konventioun nach kënnen op méi engem breeden Niveau applizéiert ginn, an zwar solle virun allem déi Länner, déi net Member vun der Europäescher Unioun respektiv net Member vun der UNO sinn d'Méiglechkeet kréien dës Konventioun awer ze ratifizéieren.

Ech géif lech ofschléissend bieden dësem Projet de loi zouzestëmmen. Ech brénge gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Nico Loes.

***Discussion générale***

M. Nico Loes *(CSV).*- Här President, ech géif am Numm vun eiser Fraktioun dem Kolleeg Gusty Graas merci soe fir seng Fläissaarbecht a gläichzäiteg och den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ons Fraktioun ass och mat dësem Projet d'accord.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Mehlen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dat do war awer schwaach an der Argumentatioun.

***(Hilarité)***

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, et ass e ganz wichtegt Gesetz a mir wëllen duerfir seng Ofstëmmung net retardéieren, doduerch dass mir e laange Riedebeitrag bréngen. Ech bréngen och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wëll lech matdeelen, dass déi gréng Fraktioun dëse Projet net wäert stëmmen,...

Une voix.- Ou!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- ...an zwar net well den Inhalt vun dëser Konventioun schlecht wier, mä ganz einfach well mir es genuch hu mat der Hypokrisie vu ville Regierungen, déi mir an dësem Land haten an hunn, am Beräich vun der Impaktstudie am Matsproocherecht am Beräich Ëmwelt.

Mir froen eis nämlech, wat dat soll hei regelméisseg Konventioune wéi déi, déi elo virläit, ofzestëmmen, ze maache wéi wa mir e groussen Interessi hätten, dass déi Législatioun géif bei eis ëmgesat ginn, wann déi jeeweileg Regierungen et a 17 Joer net fäerdeg bruecht hunn déi fälleg EU-Impaktstudiendirektiv korrekt an d'Lëtzebuerger Recht ëmzesetzen.

Dat ass duebel grave, well schonn 1997 eng Upassung vun der Direktiv vun 1985 komm ass. Mir si schonn a Verzuch mat der zweeter Direktiv, hunn awer déi éischt nach ni korrekt ëmgesat. Ech muss lech soen, Här President, wann een no 17 Joer eng europäesch Gesetzgebung nach ëmmer net korrekt an d'Lëtzebuerger Législatioun ëmgesat huet, dann ass dat och keng Zoufall méi, dann ass dat och keng Inkompetenz, mä dann ass do System hannendrun.

Déi Gréng hate schonns bei der Demande fir dësen Débat d'orientation folgenden Szenario virgeschloen: sofortlech Constitutioun vun enger Task force am Ministère - also am Januar 2002 -, sofortlech Consultatioune mat de gesellschaftlech relevante Gruppen, zum Beispill am Kader vum Conseil supérieur de l'éducation, dann eng grëndlech virbereet Orientéierungsdebatt an der Chamber virum Summer, virum Summer vum leschte Joer versteet sech. Aus deem Débat eng Motioun un d'Regierung, si soll bis Enn des Jores, Enn des leschte Jores versteet sech, eng Zort Plan d'action national oder Pan-PISA virleeën. De PISA-Pan hätt dann, ähnlech wéi virun e puer Joer dee vum Emploi, an der Chamber diskutéiert an ofgestëmmt kënne ginn, an da wäre mer elo amgaang e kohärente Paquet vu Moossnamen duerchzezéien.

Déi Chance ass verpasst ginn. Si ass bewosst verpasst ginn, an der Chamber an an der Regierung. An der Chamber, wou zum Stéchdatum vu Mëtt November Parteien hätte solle Virschléi fir eng gemeinsam Motioun virleeën. Eng eenzeg Partei war scheinbar dozou fäeg oder bereet, dat eelef Méint no der Publicatioun vun der Etüd. Och an der Regierung, déi ëmmer erëm an der Kommissioun mat ale Kamellen opgetaucht ass, déi schonns an der Regierungserklärung vun 1999 stoungen a wou säit PISA kee Komma un der Litanei vum Rechnen, Liesen, Schreiwe geréckelt ginn ass, a wou all Reform, wéi se PISA géif erfuerderen, an de Bac vun de Basics gehäit ginn ass.

Et brauch een net laang no den Ursaache vun dëser Opschiebetaktik ze sichen. Op d'Ursaache vu PISA direkt reagéieren heescht e puer helleg Kéi vum Lëtzebuerger Schoulsystem ze schluechten. Helleg Kéi, wou et schonns säit de 70er Jore gewosst ass, datt se Bildungs-BSE hunn an déi ëmmer nach fräi ronderëm lafen, an deenen hiert Keulen zwee Joer virun de Wahle fir munch Opreegung a fir vill kollateral Schied op de Stëmmziedele géing suergen.

Am Ausland, dat muss een zouginn, wor et net vill besser. Och a Finnland, dat huet den Expär eis bestätegt, gouf direkt no de Wahlen dem Schoulsystem eng Radikalkur verpasst. Et gouf och kuerzzäiteg Gebirels, fënnef Joer méi spéit ass et awer roueg ginn. Am Géigendeel, d'Bildungspolitik ass net méi Géigestand vu Gemeckers ënnert der Hand, mä vun enger offener an offensiver gesellschaftlecher Diskussioun. Dofir sot ech schonns virdrun, déi Orientéierunge vun haut sinn net un dës Regierung geriicht. Déi ass längst virum schifen Tuerm an d'Gette gaang.

A wann déi Motioun vun der Majoritéit, déi herno zerwéiert gëtt, déiselwecht ass wéi déi déi an der Kommissioun schonn nogereecht gouf, dann huet een dat och schwaarz op wäiss. Eng Motioun, déi iwwerleeft vun „invite le Gouvernement à continuer à". Wat continuer? A continuer à rester lanterne rouge, continuer à attendre la voiture-balai oder, wéi de Kolleeg Zanussi richteg an der Sëtzung vun der Kommissioun sot, eng Motioun déi een hätt kënnen der finnescher Regierung virleeën, nom Motto: « Weider esou, we are the champions ». Här President, dës Orientatioun ass un eng nächst Regierung geriicht, un eng Regierung déi hoffentlech eng aner ass, eng Regierung déi et wot eng Bildungsoffensiv net nëmmen unzekënnegen, mä se och duerchzeféieren. Bei dëser ass, an dat weess mëttlerweil jiddfereen am Land, Happ a Malz verluer.

Ech kommen zum zweete Punkt: D'Léisung vun onsem ominöse Sproocheproblem. Ons schlecht Resultater bei PISA goufen oft mat onser komplexer Sproochesituatioun erkläert. Déi Situatioun ass sécher komplex, mä duerfir ass se awer net onléisbar. Am Kontext PISA däerft se eigentlech keng Roll spillen. Firwat? Mä vergiesse mer eent net, PISA huet net getest wéi gutt een eng Sprooch ka schwätzen. PISA huet net déi schrëftlech Maîtrise getest wéi Rechtschreibung, Grammatik, Syntaxe, Stil, déi jo bei eis grëndlech gedrummt gëtt. PISA huet getest wéi ee schrëftlech Texter ka liesen, verstoen, interpretéieren a virun allem ka praktesch uwennen. Also Kompetenzen, déi mer am Alldag stänneg mussen uwennen, an zwar kaum op lëtzebuergesch, mä virun allem op franséisch oder op däitsch an ëmmer méi oft op englesch.

Ech hunn op alle Fall am Beruffsliewe wéineg Texter op Lëtzebuergesch gesinn, weder en Ingénieur, nach e Proff, nach e Mécanicien, nach en Infirmier muss jee een Text op Lëtzebuergesch uwennen. Duerfir constatéiert PISA, dass ons Kanner mat 15 Joer net genügend à même sinn en Text op franséisch oder däitsch ze liesen, ze verstoen a praktesch ëmzesetzen, mä grad dat musse mir jo am Beruffsliewen uwennen a grad dat ass den Haaptdéfi vun onser öffentlecher Lëtzebuerger Schoul. Dobäi gëtt nach allgemeng gesot d'Lëtzebuerger wieren am Schrëftlechen nach besser wéi am Mëndlechen. Duerfir goufe jo rezenterweis eréischt mëndlech Epreuven agefouert.

Mä da stellt lech emol vir de PISA-Test wier mëndlech duerchgefouert ginn. Wou stéinge mer dann do? Déi Gréng hu schonn an hirem Grondsazpabeier vun 1998 glaskloer analyséiert a prezis Virschléi gemaach, déi ech kuerz wäert resüméieren. Éischtens dass et net d'Sproochesituatioun eleng ass, déi fir den Échec scolaire vun den auslännesche wéi vun de Lëtzebuerger Kanner verantwortlech ass.

Zweetens dass et méiglech muss sinn an och technesch méiglech ass, dass déi allermeeschte Schüler a Schülerinnen, déi mat 15 Joer kéinten d'Schoul verloossen oder an der Schoul weider ginn, genügend Basiskompetenzen an de Sprooche Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch an Englesch kënnen hunn, dass se domat gerüst wiere fir déi praktesch Kompetenze jee no hire jeeweilege Besoinen am Beruff oder an hirer spéiderer schoulescher Carrière ausbauen ze kënnen.

Drëttens dass déi Basiskompetenzen an engem Tronc commun bis 15 Joer fir all Schüler a Schülerinne vermëttelt kéinte ginn.

Véiertens dass déi Basiskompetenzen net grammatikalesch Spitzfindegkeete betreffen, mä Basiskompetenzen an der Kommunikatioun, verbal a schrëftlech, an der Compréhensioun an an der Uwendung an der Praxis baussent de Schouldieren.

Fënneftens dass eréischt duerno, no 15 Joer, déi spezifesch Kompetenzen op de jeeweilege Filière verdéift solle ginn. D'Secondairesschüler verdéiwe sech dann zum Beispill an de Labyrinth vun der Sproochewëssenschaft a vun der Literatur. D'Techniquesschüler léieren hir noutwenneg Fachausdréck an deenen dräi Sproochen, wahrscheinlech dann oft mat hirem Sproocheproff zesummen, well deen huet déi och op der Uni net geléiert.

Sechstens dass dat net verhënnert, dass all Schüler a Schülerinne vun alle Filièren déi néideg Viraussetzunge vermëttelt kréie fir hir Allgemengbildung ze verbesseren, sief et an der Schoul, sief et an enger Bibliothéik oder um Internet, sief et an enger Vollekshéichschoul, déi nach zu Lëtzebuerg ze schafen ass.

Siwentens dass schliesslech de Schlëssel zum Erfolleg vun dëser nuancéierter Villsproochegkeet letztendlech bei interessante Programmer a motivéierenden an interaktive Methode läit. Parallell dozou däerf natierlech keen Opwand gescheit gi fir eng optimal Incitatioun zum Liesen ze garantéieren, vum éischte Schouljoer bis an d'Altersheim. Praktesch Initiative ginn et schonns, iwwregens ass net méi spéit wéi haut den Owend eng Veranstaltung zum Thema Leseförderung am Kader vun der Lieswoch vum Info-Video-Center um halwer aacht. Avis aux amateurs.

Dat féiert mech dann zu der Verbesserung vun de praktesche Kompetenzen, well net nëmmen an de Sproochen, mä och an der Mathé an an den Naturwëssenschaften huet onse PISA-Tuerm hänkeg Schëlleren. Dobäi sinn awer op deene Gebidder Efforte gemaach ginn. Och misst d'Mathematik jo awer wäitgehend onofhängeg vu sproochleche Kompetenzen ze verstoe sinn. Trotzdeem ass och do de Lëtzebuerger Schüler alles aneschters wéi en Daniel Düsentrieb. Mir mengen ënner anerem folgend Schwächte bei de mathe-

mateschen a bei den naturwëssenschaftleche Kompetenzen identifizéiert ze hunn.

1. Et huet een den Androck, dass d'Schüler oft net deen déiwere praktesche Sënn vum Unterricht erkennen, virun allem an der Mathematik.

2. Wann een d'Schoulbicher vu verschiddene Branchen, wéi zum Beispill Geographie, Biologie, Geschicht oder Civique kuckt, fält engem dee schwéierfällege wëssenschaftleche Langage op, dee vill Kanner, besonnesch virum Alter vu 15 Joer, einfach net verstinn.

3. Déi naturwëssenschaftlech, gesellschaftswëssenschaftlech a mathematesch Fächer si quasi net matenee verknäppt. Oft léiere Schüler Sujeten a verschiddene Fächer ouni en Zesummenhang ze erkennen.

Duerfir menge mir, an aller Bescheidenheet, et misst een der Programmkommissioun ënner anerem folgend Opträg mat op de Wee ginn: Toilettage vun de Kéip vu kuerzfristegem Wëssen zugonschte vun exemplarescher Verdéiwung vu wichtegen Essentials, déi dem Schüler eng Method ginn och spéider aner Themen unzegoen; ofkomme vum zillosen auswenneg léieren zu enger méi konsequenter Approche, fir dat och ze verstoe wat een do léiert; méi oft induktiv amplaz deduktiv Methoden, also éischter vum Beispill op déi allgemeng Theorie wéi ëmgekéiert; e manner abstrakte Langage, manner hochtrabend Dingwörter a méi Verben déi erklären; méi kloer a kuerz Sätz amplaz komplizéiert Schachtelsätz ouni Ufank an ouni Enn.

Domat muss aus dem Cours an der Schoul keng Clownennummer an och keng Soap ginn. Et geet duer, dass de Cours interessant ass. Dat ass net ëmmer einfach, mä Methoden a Beispiller ginn et genuch. An anere Länner ass et net vill besser. Wéi huet de Le Monde de l'éducation als Chapeau vun engem Beitrag mam Titel „Voyage au bout de l'ennui" geschriwwen, ech zitéieren: „Découragement, inappétence, manque de motivation, passivité, chahut, transgression, l'ennui scolaire prend des formes multiples et conduit les jeunes à l'échec. Les lycéens ne se satisfont plus d'un enseignement classique, qu'ils jugent rébarbatif. Leur motivation passe par une diversification de l'approche des disciplines."

Déi Iwwerleeung féiert mech dann zum véierte Punkt, nämlech der Verbesserung vun der pedagogescher Praxis fir eisen essentielle Beräich. Här President, säit 30 Joer dréit sech d'Bildungsdiskussioun zu Lëtzebuerg, sofern se iwwerhaapt stattfënnt, 90% ëm Strukturen an ëm de Statut vun den Acteuren an deene Strukturen, an net emol 10% ëm déi pedagogesch Praxis. Net dass et keng Expérience pilote op der Basis gëtt, vill an ëmmer méi Enseignantë woe sech op nei didaktesch Terrainen. Mir hunn also schonn eng Menüskaart mat etleche pedagogesche Platen. Et feelt awer nach déi Kaart komplett ze maachen, se virum Schoulrestaurant auszestellen an d'Leit duerch Weiderbildung zu flotte Programmer a Coursen hinzeféieren.

Wat mir also brauchen ass manner eng Offensiv op de Strukturen, mä eng am Beräich vun de Lernziler, vun de Programmer a vun de Methoden. Ech brauch net méi an den Detail ze goen, schonns bei menger Interpellatioun zum Thema „Contenu vun der Schoul" vum November 2001 hunn ech eng Rei Defiziter opgezeechent an eng helle Wull vu Suggestioune gemaach, déi e Joer méi spéit vun der PISA-Etüd voll bestätegt gi sinn. Dat Signifikantst war deemools iwwregens, datt vun onse 27 Motioune grad déi refuséiert gi sinn, déi op d'Methoden an d'Programmer agaange sinn, während vill vun deenen, déi sech ëm Strukture gedréit hunn, akzeptéiert goufen.

Dobäi geet et ëm net méi wéi eng Optimiséierung vum Betrib Schoul, esou wéi eng Fabrik méi effizient schaffe soll an eng Administratioun theoretesch soll reforméiert ginn. Et geet hei drëm déi bestehend an ausgebilt Fachkräften an der Schoul méi effizient anzesetzen. Eng Mesure, déi allgemenge Konsens fonnt huet, war de quantitativen Ofbau vu Léierstoff zugonschte vun enger qualitativer Verdéiwung vun exemplaresche Schülerkompetenzen a méi diversifizéierte Methoden, ouni dass ee muss an dat anert Extrem falen. Manner Frontalunterricht heescht net kee Frontalunterricht, interaktiv Methoden heescht net permanent Showtime an der Klass, Gruppenaarbecht heescht net keen individuellt Léiere méi, manner auswenneg léieren heescht net kee Wësse vu Fakte méi, praktesch Kompetenzen heescht net, dass ee keng theoretesch Basis méi hätt.

Op déi richteg ausgewoe Mëschung kënnt et un. Dat gëtt een als Enseignant och net op der Uni geléiert. Duerfir gehéiert pedagogesch Recherche, Innovatioun an Unterrichtsentwécklung als éischt Gebot an de Kathechëssem vun der Initial- a vun der Weiderbildung.

Wann een elo manner Frontalunterrecht, méi interaktiv Methoden, méi Gruppenaarbecht, manner auswenneg léieren a méi praktesch Kompetenzen an d'Schoul abréngt, da muss dat sech och op d'Evaluatioun vun de Schüler auswierken. Da geet weder eng Zensur mat Punkte bis 60 duer, nach e puer Sätz Luef oder Tadel. Da muss den Tableau vun de Fäegkeete vun all Schüler méi Faarfofstufungen hunn. Da mussen no der Neuvième oder Cinquième méi selektiv Schwéierpunkten eraus gegraff kënne ginn an och e puer Must vum Lëtzebuerger Bildungsmainstream sacrifiéiert ginn. Da muss et och fir d'Schüler méiglech sinn, eng gravéierend Schwächt ze kompenséieren, awer net duerch en anert Fach, mä doduerch, dass ee méi e flexibele Programm ubitt, mat Saachen déi Haaptfach sinn, an engem Choix vu Wahlfächer, wou een dann och emol eppes kann ewech loossen. Quitte dass dat, besonnesch wat d'Sprooche betrëfft, um Ofschlossdiplom och net figuréiert.

Da muss et méiglech sinn, d'Lëtzebuerger Schoul ze verloossen an an enger Sproch nëmmen de basic Kommunikatiounsniveau ze hunn. Mir soen alleguerte jo zu der Dräi- oder Véiersproochegkeet zu Lëtzebuerg. Et geet awer duer, datt een der zwou dovunner ganz gutt beherrscht an an deenen anere kommunizéiere kann, en Text liesen a verstoe kann, an net onbedéngt all Gross- und Kleinschreibung oder Participe passé beherrscht; wéi iwwregens de groussen Deel vun deene 60% Net-Lëtzebuerger Arbeitnehmer zu Lëtzebuerg nëmme kënnen, an déi trotzdeem berufflech ganz gutt eens ginn.

Fënnefte Punkt: D'Verbesserung vun der Grond- a Weiderbildung vun den Enseignanten. An der Diskussioun ëm PISA gouf sech oft op d'Enseignanten ageschoss, net nëmmen am Café du Commerce, mä och hannert de politesche Kulissen. Elo ass et awer esou, dass zumindest déi brevetéiert Enseignantë sech fir hir Grondausbildung net ze schumme brauchen. Den ISERP huet sech kontinuéierlech verbessert. D'Proffen hu souwéisou déiselwecht Ausbildung wéi hir Kolleegen am Ausland, quitte dass de Stage pédagogique ëmmer nach verbesserungsfäeg ass.

Mir brauchen also keng Enseignanten ze entloossen, ze privatiséieren oder ze kujenéieren. Mir mussen hinnen awer nei Missiounen zoukomme loossen, déi vill vun hinnen elo schonn assuméieren, anerer mussen eben zu hirem pedagogesche Gléck nach gefléift kréien. Fir ons ginn et dobäi zwou essentiell Mesuren: 1. d'Opbrieche vun dem pedagogeschen Individualismus an 2. Formation continue, Formation continue an nach eng Kéier d'Formation continue.

Zum Thema Teamwork: Loosse mer dach d'Enseignanten aus der Isolatiounskummer eraus huelen. Wou gëtt et nach e Beruff wou ee quasi seng ganz Aarbecht hannert der zouener Dier mécht. D'Enseignantë solle keng individuell Artiste sinn, déi méi oder manner virtuos hir Coursen inszenéieren. Duerfir ass d'Schafung vun der Teamaarbecht, onser Meenung no, déi allerwichtegst Aufgab an der Schoul selwer. Natierlech gëtt och mat Recht op d'Pénurie vun den Enseignanten higewisen a gesot, mir kënnen net och nach d'Enseignanten zousätzlech e puer Stonnen aus der Klass huelen, soss hu mer der net genuch déi Schoul halen, an dat kascht och nach enorm vill.

Mir sinn och der Meenung, dass een d'Enseignanten net fir all zousätzlech Concertatiounsstonn muss fräistellen. Och wann d'Syndicater esou eppes net gär héieren, an duerfir ausser ons och keen dat seet. Mä et muss een éierlech sinn, wann ee sech als Enseignant regelméisseg concertéiert, da gewënnt een och Aarbechtsopwand an Zäit, déi een normalerweis a sengem Büro doheem geleescht hätt. An net nëmmen Zäit an Aarbecht, mä och wäertvoll Erkenntnisser gewënnt een, wéi zum Beispill, dass och aner Kolleegen a Kolleeginne Schwieregkeeten hunn. Och fachlech Ustéiss a moralesch Motivatioun gewënnt een duerch e gutt organiséierten Teamgeescht. An oft kann een zesummen de Problem vun engem onméigleche Schüler ugoen, eng depriméierend Situatioun léisen, ier se beim Gréngen Dësch lannt.

Mir wëllen, dass d'Enseignantë sech erëm mat Freed moies op de Schoulwee maachen. Mir mengen dowéinst, dass een zwar zousätzlech Tâchen, déi wäit iwwert d'Beschriwwend erausginn, soll rémunéréieren, wéi zum Beispill Recherche, Ausaarbechte vu Coursen, eng méi professionnaliséiert Programmkommissioun oder Koordinatioun vu Concertatiounen. Mä déi gemeinsam Plagë vum Teamwork sinn an déi global 40-Stonnen-Tâche vun all Enseignanten anzeglidderen, well se jo och innerhalb vun der Tâche Aarbechtserlichterunge bréngen.

Dozou gehéiert dann en zweete Pilier, nämlech d'Formatioun continue. Mir haten de 17. November 2001 hei eng Motioun eestëmmeg ofgestëmmt, fir datt soll an d'Tâche vun den Enseignanten e minimale Volet obligatoire vu Formation continue agebaut ginn. Et ass och deemools betount ginn, datt et net kann op de Konto vun de Schoulstonne goen. Am Kloertext, déi Weiderbildung geschitt dann entweder op de fräien Nomëtteger, Owender oder Weekender, wéi dat an der privater Wirtschaft och zum Deel de Fall ass, oder an enger vun deene 16 Woche Vakanz, déi d'Schüler zougestane kruten, an déi och d'Enseignanten net mussen an der Schoul verbréngen. Vill Enseignantë maache schonns Weiderbildung ausserhalb vun de Schoulhorairen. Et feelt awer e Gesamtkonzept an e kohärent Ugebuet an deem sech déi meescht Enseignanten erëm fannen a wou se konkret eppes fir hiren Unterrecht mat ewech droen.

Sechste Punkt, Här President, an zweetleschten: Wa PISA eppes ausseet wat keng nei Erkenntnis ass, dann ass et de Constat, datt bei ons d'Kanner aus de sozial net privilegéierte Schichten - ob Ausländer oder Lëtzebuerger - manner Chances de départ hu wéi déi, déi aus de Mëttelschichte kommen oder aus dem sou genannte Bildungsbürgertum. Dat ass zwar an all Land vun der PISA-Etüd esou, mä a kengem Land ass déi Diskrepanz esou krass wéi zu Lëtzebuerg. Näischt neies also, well scho säit de 70er Joren ass dee Mëssstand bekannt. En hat deemools souguer zu den Tronc commun Experimenter gefouert, vun deenen net gewosst ass ob se d'Situatioun deemools entschäerft hunn. Et gouf nämlech ni eng offiziell a wëssenschaftlech Evaluatioun gemaach.

A vu datt kee mer kann de Géigendeel beweisen, woen ech hei empiresch ze behaapten, dass et deemools Verbesserunge gouf. Nach haut begéinen ech ausländnesch Schüler a Schülerinnen déi 1983 an enger Proffeninitiativ vum deemolegen Diddelenger Modell während dräi Joer am Däitsche getrimmt si ginn an déi spéider schoulesch a berufflech Carrièrë konnte maachen, déi hinnen ënnert den normale Konditioune vun der öffentlecher Schoul verwiert bliwwe wären.

Et ass méiglech, Dir Dammen an Dir Hären, mat engem décidéierten Effort och ons komplex Sproochesituatioun ze léisen, fir datt net nëmmen d'Auslännerkanner aus der Europaschoul gläichwäerteg Chancen zu Lëtzebuerg hunn. An ech muss, als Défenseur vun der öffentlecher Schoul, aneren Défenseure vun der öffentlecher Schoul soen - an d'Matricule schreift et, et deet mir Leed -, dass et och signifikant ass, datt d'Fördermoossnamen am Däitsche fir portugisesch Meedercher ausgerechent an enger vun de konfessionelle Privatschoule stattfannen, déi elo esou hefteg attackéiert ginn. Och dat soll der öffentlecher Schoul ze denke ginn, well Privatschoule ginn et virun allem do, wou d'öffentlech Schoul verschiddenen Aufgaben net gerecht gëtt.

Wat sinn also e puer vun eisen Haaptorientéierungen, fir de Gaspillage vun ze vill Matière grise tëschent dem Précoce an der Première ofzebauen. Éischtens, en diagnosteschen Suivi, Schüler a Schülerinne vum Précoce bis zur Première. Eng Zort Passeport scolaire, wou d'Fäegkeeten, d'Schwächten, d'Interessen an d'Ofneigungen, psychologesch, psychosozial a psychomotoresch Eegenheeten zesumme mat de schoulesche Leeschtunge kontinuéierlech erfaasst ginn, also net nëmmen Nummeren op der Zensur, och méi wéi ee Bulletin d'inscriptif.

Natierlech wär en Deel vun deenen Domäne confidentiel an nëmmen dem CPOS zougänglech. Mä domat kéint dat verhënnert ginn, wat nämlech hei zu Lëtzebuerg geschitt ass, dass eng Dislexie eréischt op Huitième erkannt gëtt, dass auslännesch Schülerinnen a Schüler sech mat gravéierende Lacunen am Däitsche bis Neuvième duerchwurschtelen an duerno ënnerginn, datt d'Schwächten ze spéit a Begabunge guer net erkannt ginn. Domat kéinten am Précoce an am Primaire e groussen Deel vun den Defiziter erkannt, gezilt bekämpft an do wou et méiglech ass och opgehuewen oder atténuéiert ginn.

An op der Basis vun deem kontinuéierlechen Diagnostik kënne fir d'alleréischt geziilte Fördermoossname fir all Schüler opgebaut an duerchgezu ginn, de préférence an der öffentlecher Schoul, Hausaufgabenhëllef muss net ausgesourct ginn. Sou genannt Kanner mat Déficits spécifiques mussen net op Eupen, Tréier oder Arel ausgelagert ginn. A wann et dann esou wäit ass fir am Tronc commun vu Septième bis Neuvième/Cinquième Schüler ze orientéieren, dann trëtt déi sou genannt Education au choix op de Plang. Domat gëtt erfaasst wou zum Zäitpunkt x d'Kanner fäeg sinn, motivéierbar sinn, motivéierbar sinn, verbesserungsfäeg sinn, an domat baséiert déi definitiv Orientéierung op méi wéi en Test oder Prüfung.

Mir mussen awer och schonns an der Primärschoul fir méi eng grouss Mixitéit suergen. Firwat kommen Auslännerkanner, déi am Lëtzebuerger Secondaire erfollegräich sinn, ganz oft aus regionale ländleche Schoulen, wou se sechs Joer mat enger Majoritéit vu Lëtzebuerger Kanner an enger Klass sinn, an net aus de Quartiersschoule wou se ënnert sech sinn, oft mat engem oder e puer Lëtzebuerger Kanner, wou dann allebéid Kategorien an enger iwwerméisseger Proportioun am Préparatoire oder am Adapte landen.

Méi eng grouss Mixitéit ass, zumindest an de Quartieren, net duerch waarm Appeller ze realiséieren. Duerfir widderhuelen ech ons Fuerderung, endlech eng besser Mixitéit an de Quartieren duerchzesetzen, sief et duerch en aneren Tracé vum Anzugsgebitt, sief et duerch Transferte vu Schüler an eng aner Schoul.

Domat ass et natierlech och net gedoe fir déi ongläich Chancen esou wäit ofzefiederen, datt net méi de sozialen Origine, mä just nach d'Fäegkeet an d'Motivation fir de Succès scolaire ausschlaggebend sinn, muss d'Schoul eng differenzéiert an individuell Approche zu de verschiddene Schüler anhuelen, an net sech op ee mëttelméissegt Ideal orientéieren. Dofir dat, wat ech virdru gesot hunn, méi geziilt an individuell op d'Besoine vun de Kanner agoen, wéi dat de Credo vun der Schoul a Finnland ass.

Här President, ech kommen zum leschte Punkt: Strukturell Reformen an onsem Schoulsystem. Ech hu bewosst déi strukturell Reformen als leschte Komplex vu Mesurë gewielt, net well se manner wichteg si wéi déi inhaltlech, mä well ee sech fir d'éischt iwwer Lernziler, iwwer Programmer an iwwer Methoden eens muss sinn an dann eréischt oder zumindest parallell iwwert déi Strukturen, déi fir déi Inhalter gëeegent kënne sinn. Leider hu mer an der Vergaangenheet ze vill an ze vill ideologesch iwwer Strukture gestridden an net genuch iwwer Programmer a Methoden nogeduecht, diskutéiert a virun allem gewot ze entscheeden. Stéchwuert, Dir wäert lech et erwaart hunn, integréiert Gesamtschoul.

Mäi Gott, fir ons sinn ideologesch Debatte passé. Elo geet et ëm Effizienz an trotzdeem, egal wéi een et dréint, erëm kënnt den Tronc commun aus der Versenkung. All Mënsch kuckt no Skandinavien an op déi Länner, déi esou e System praktizéieren. Déi meeschte Länner vun der OECD praktizéiere souwisou eng Opsplitterung vun de Schüler eréischt am Alter vu 14 oder 15 Joer an net mat 10 Joer wéi an Däitschland an 12 Joer wéi bei eis.

Et gesäit esou aus, wéi wann d'Organisatiounsform vun der integréierter Gesamtschoul e Modell wär, dee gutt Viraussetzunge fir eng besser Schülerperformance ka bréngen. Mä geet et domat duer? Et ginn och Gesamtschoulen, déi schlecht bei PISA ofgeschloss hunn, an et ginn och konventionell Schoulen, déi gutt ofgeschloss hunn. Et war schonn ëmmer ons Meenung, datt den Tronc commun zwar eng Condition nécessaire, mä net eng Condition suffisante ka si fir onse Schoulsystem ze verbesseren. Och d'Gesamtschoul muss mat pedagogeschem Liewen erfëllt ginn, soss dreet se e bürokratesche Léierapparat ze ginn. Grad d'Kombinatioun vu Gesamtschoulstruktur, mat enger lieweger Innovatiounspedagogik an enger autonom gefiérter Dynamik vun allen Acteuren an der Schoul, erschéngt ons als déi optimal Formel fir eng Schoul vum Erfolleg. Integratioun, Autonomie, Innovatioun.

Aus deem Grond war et fir ons net iwwerraschend, datt grad esou eng Schoul an Hessen mat bessere Resultater wéi Finnland oder Kanada opgewaart huet. The Winner is bei PISA, Helena Lange Schule

zu Wiesbaden. Sécherlech ass déi Schoul net an alle Punkte vergläichbar, besonnesch wéinst hirer motivéierter Schüler- a Proffekonstellatioun. Mä si ass éischtens eng „integrierte Gesamtschule“, wat natierlech d'CDU an Hessen, déi se wëllt ofseeën, zimlech peinlech beréiert. A si ass zweetens säit de 70er Joren e Labo fir innovativ, pedagogesch Praxis a fir eng konsequent duerchduechte Schoulentwéckelung. Den däitsch-lëtzebuerger Publizist Rainer Holbe huet iwwert den Ëmwee vun engem Bréif un de Premier ons opgefuerdert déi Schoul besichen ze goen. Wie sech also dee konkrete Modell wëllt ukucken, dee brauch allerdéngs net bis op Wiesbaden ze fueren. Déi interesséiert Nolauschterer verweisen ech op eng Konferenz, déi Déi Gréng Enn Abrëll mat der Directrice vun där Schoul am Kader vun engem Bildungskongress organiséieren.

Här President, integréiert Gesamtschoul jo, awer mat engem ongeheieren, pedagogeschen Innovatiounseffort. Sécher, déi kann een zu Lëtzebuerg net iwwer Nuecht an och net aus dem Bunker vum Ministère dekretéieren. Mä et kann een awer Mutt maachen, Mutt maache fir Pilotprojeten, seriö duerchduechte Pilotprojeten, déi net nëmmen en Deelaspekt vun der Schoulpraxis betreffen. Zum Beispill Ganzdagesangebot am Précoce amplaz saucissonnéiert Ugebueter iwwert d'Woch verdeelt. Zum Beispill Modeller vu Ganzdaagsschoul am Primaire, wou net d'Schüler aus der Schoul vum MEN, Ministère de l'Edcation nationale, an d'Fittecher vun der Famille oder privat Crèchen iwwerreecht ginn, mä wou et e Gesamtkonzept vu sënnvoller Fräizäitbeschäftegung, vun Hausaufgabenhëllef a vu Suivi pédagogique gëtt. Zum Beispill Ganzdaagsschoul am Postprimaire, wou déi Schüler, déi wëllen, zousätzlech Ugebueter bis Enn den Nomëtteg kréien.

Dräimol, Här President, krute mir hei eng Motioun ënnergebottert fir esou e Modell, zum Beispill no den Iddie vun der A.s.b.l. Lycopa, an engem neie Gebai virzegesinn. Fir d'éischt zu Mamer, dann am Aline Mayrisch de Saint Hubert an dann zu Réiden. Hei feelt et zu Lëtzebuerg un engem allgemengen Etat d'esprit. Wann ech da gesi wat bei engem Modell passéiert deen net emol un d'Strukture résele geet - ech schwätze vun deem sougenannten Alima -, wou souguer Leit, déi soss fir d'Reformen an der Schoul antrieden, direkt Dereguléierung a Liberaliséierung richen, wann eng Schoul e puer Enseignanten an e puer Laptope méi kritt.

Mir mussen also och an onse Käpp d'Schoulentwéckelung an hir Pilotprojeten als eppes Normales ugesinn. Et kann een natierlech och Reformen iwwert de Knéi briechen. Wann ech elo héieren, datt sech d'Gebaier vum IST innerhalb vun dräi Woche mussen entscheede fir bei engem Pilotprojet matzemaachen dee soll am Hierscht ulafen, da gëtt et mer e bësse baang, och wann d'Intentioun gutt ass, fir Filièren am ënneschten Zyklus vum IST opzebriechen. Mä wou ass dann do de Secondaire classique? Soll do Binnendifferenzierung gemaach ginn? Wien huet d'Erfahrung, déi Binnendifferenzierung erfollegräich duerchzezéien? Froen iwwer Froen.

Här President, ech hu virdru kritiséiert, datt et an de Ministèren an an der Chamber wéineg Bereetschaft fir eng Bildungsoffensiv gëtt, mä ech éischter e Retour bei déi ominös Basics gesinn. Sinn dat déi Basics vum Echec vun der Lëtzebuerger Schoul vun de leschten 30 Joer? D'Basics vun deenen 52% Ofgänger ouni Ofschloss, déi vun der DP am leschte Wahlkampf ëmmer erëm op de bloe Fuedem geschriwwe gi sinn? Et muss een awer fairerweis zouginn, datt et bei den Acteuren um Terrain an och bei der Bevölkerung e wéineg entwéckelte Bewosstsënn iwwert déi noutwendeg Reforme gëtt. D'Bildungspolitik huet bei ons säit 20 Joer méi zu Gemeckers wéi zu déifgräifende Reflexioune gefouert. An et muss ee scho bal zynesch soen, datt mir Bildungsoffensiven net esou néideg hate wéi e Land mat 15% Aarbechtslosegkeet wéi Finnland virun 10 Joer. Ons Lëtzebuerger Schüler si bal nach ëmmer vun der Ekonomie opgefaange ginn. Fir d'éischt vun der ARBED, du vun de Banken an ëmmer nach zousätzlech vum Stat a vun de Gemengen. Mir hunn och ëmmer Leit fonnt déi am Ausland ausgebilt goufen an zu Lëtzebuerg verantwortlech Poste bekleeden. Bei de Banke sinn et 70%.

Mir hunn och ëmmer Main-d'oeuvre kënnen importéieren, fir déi méi désagréabel Beruffer um Bau, am Handwierk an am Nettoyage ze besetzen. A vill vun deenen hire Kanner sinn am Schoulsystem ausgesifft ginn, virun allem awer net nëmmen duerch d'Däitscht. Mä hir Lobby war net staark genuch fir de Braindead ze verhënneren, virun allem elektoral net staark genuch. An déi Illusioun, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt weider bedriwwen. Elo solle fir déi eng Tâchë Leit aus dem kathoulesche Polen importéiert ginn an déi aner High-Tech-Labour-Force fir op eis Uni, onse Centre de Recherches oder déi nei Nischen, wéi déi vun de Biotechnologien. A gehofft gëtt, déi Lëtzebuerger Schoulofgänger mat schwaachen oder mat kengem Ofschloss weider an der Ekonomie, mä och nach weider bei der Chasse gardée vu Stat a Gemengen ënnerzebréngen. Déi Rechnung ka vläicht opgoen, mä spéitstens säit engem halwe Joer, wou et och zu Lëtzebuerg méi lues geet, wësse mer datt och dat kann an d'A goen. Well wéi gesäit et an zéng, 20 Joer aus? Zwee extrem Szenarië kann een an d'Ae faassen. Gëtt ons wirtschaftlech Dynamik gebremst, da kënnt et onweigerlech zu Verdeelungskämpf um Aarbechtsmaart, an do gewannen déi mat der beschter Ausbildung an der fondéiertster Weiderbildung. An d'Fro ass: Wäerten dat Schüler vun der öffentlecher Schoul zu Lëtzebuerg sinn? Musse mer par contre weider an de 700.000-Awunnerstat goen? Da ginn et zwar méi Aarbechtsplazen, och méi Kandidaten, och méi Frontalieren, och méi verschidden Nationalitéiten an der öffentlecher Schoul. An da gëtt déi komplex Sproochsituatioun, mat där verschidde Leit de PISA-Debakel wëllen entschëllegen, nach méi komplex.

Här President, dobäi kënnt nach eng méiglecherweis allgemeng Liberaliséierung vun de Services publics an Europa. Déi ass da vläicht esou wäit fortgeschratt, datt d'Kanner vun deene Leit, déi sech et kënne leeschten an an deier Franchise-Eliteschoule vun transnationale Chaînë ginn, déi näischt mat de biederen an harmlose Privatschoulen ze dinn hunn, déi Verschiddener vun eis als Rückzugsgefecht hei bekämpfen. Déi nei Privatschoule wäerten dann d'Kaderschmieden vun der Wirtschaftselite vun iwwermar sinn, an de Rescht vun de Kanner, Lëtzebuerger oder Auslänner, geet an déi öffentlech Schoul, fir déi et dann ëmmer manner Steiergelder gëtt.

Egal, Här President, wéi d'Zukunft am Kaffissaz ausgesäit, mir kommen net derlaanscht ons öffentlech Schoul fir déi nei Défië fit ze maachen, virun allem déi öffentlech Schoul, well mir wëllen net datt et deier Eliteschoule fir eng privilégiéiert Minoritéit gëtt an e schlechte Service publique fir d'Majoritéit, wat leider an enger Partie vu Länner de Fall ass.

Här President, haut, den 29. Januar 2003, 400 Deeg no der Publikatioun vun der PISA-Etüd, ass déi Opbrochstëmmung fir den Défi net ze spieren. Si muss awer kommen. Wann net elo, dann an zwee oder dräi Joer.

Mir hunn onst gesot, mir hunn onst gemaach. Et soll kee soen en hätt näischt vun de Problemer an en hätt näischt vun de Léisungsvirschléi vun ons a vun anere matkritt. Debatten hate mer, Orientéierunge sinn ugebuede ginn, dat säit 20 Joer. Et muss elo nach gehandelt ginn. Elo schnell an duerchgräifend, mat méi wéi dräi oder véier rouegen oder wibbelegen Hänn, ier et wierklech ze spéit ass.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren an ech déposéieren nach hei déi Elementer vun enger Motioun, déi ech am November ouni Erfolleg an der Kommissioun schonn agereecht hat.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les résultats de l'étude de PISA sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise publiée en décembre 2001;*

*- considérant les auditions avec les forces vives du domaine de l'éducation de 2002;*

*- convaincue que des mesures rapides et cohérentes s'imposent pour améliorer d'une façon durable la qualité de l'école publique dans notre pays;*

*invite le Gouvernement*

*1. Réactions à moyen terme face à l'étude PISA*

*- à mettre en place dans les meilleurs délais une «task force PISA» chargée d'élaborer un plan d'action PISA comprenant des mesures à court et à moyen terme pour améliorer les performances de l'enseignement public luxembourgeois;*

*- à procéder au renforcement personnel et à l'affinement des missions du SCRIPT en vue d'un saut qualitatif dans l'analyse du système scolaire et dans l'élaboration de mesures visant à améliorer la qualité de l'enseignement;*

*- à prévoir et à préfigurer un Observatoire de l'école luxembourgeoise dans le cadre de la future faculté pédagogique de l'Université de Luxembourg.*

*2. Mesures relatives à l'apprentissage de langues*

*- à élaborer un concept concret en vue de la différenciation de l'apprentissage des langues, concept qui tienne compte d'une part du niveau de développement individuel des enfants et de l'autre des profils spécifiques requis par les différentes filières scolaires et professionnelles ainsi que des débouchés professionnels visés par les élèves en fin de scolarité;*

*- à redéfinir en profondeur les objectifs de l'apprentissage des langues suivant la maturité des enfants et suivant les différentes filières choisies à partir du cycle moyen de l'enseignement post-primaire;*

*- à concrétiser ces nouveaux objectifs nuancés dans une révision des programmes et des méthodes des branches linguistiques, ceci en collaboration étroite avec les personnes compétentes et responsables sur le terrain, notamment les commissions des programmes et le SCRIPT.*

*3. Mesures relatives à l'apprentissage des maths et des sciences*

*- à entreprendre une évaluation critique des codes linguistiques et formulations abstraites contenus dans les manuels en usage dans tous les ordres d'enseignement;*

*- à entreprendre une analyse critique des objectifs, des programmes et des méthodes de l'enseignement des mathématiques et des sciences, ceci en vue de l'identification des faiblesses dans les relations entre les matières théoriques enseignées et dans les applications pratiques ultérieures;*

*- à renforcer l'utilisation de méthodes inductives, d'un langage plus clair et d'une approche moins abstraite et plus exemplaire dans le cadre des reformulations périodiques entreprises sur les manuels.*

*4. Mesures relatives au clivage social*

*- à mettre en place un système de diagnostic, d'accompagnement et de soutien continu qui assure un «monitoring» de tous les élèves de l'enseignement public luxembourgeois, depuis l'éducation précoce jusqu'à la fin de la carrière scolaire, le cas échéant sous forme d'un «passeport scolaire»;*

*- à mettre en oeuvre, en étroite collaboration avec les communes concernées, des moyens visant à assurer un meilleur équilibre entre élèves étrangers et luxembourgeois dans les écoles de quartier et dans les classes, le cas échéant par des modifications dans la topographie des cartes scolaires;*

*- à augmenter considérablement la présence de services éducatifs dans l'enceinte des écoles du post-primaire en général et du préparatoire en particulier.*

*5. Mesures générales visant à améliorer la pratique pédagogique*

*- à faire une évaluation critique des surplus quantitatifs des matières enseignées et à tirer des conséquences pertinentes pour alléger de façon utile les programmes;*

*- à instituer un „centre de documentation des projets pédagogiques“ comme institut de documentation et de sensibilisation pédagogiques, équipé pour effectuer un travail de motivation actif à l'attention des partenaires scolaires;*

*- à faire élaborer par les instances responsables - commissions des programmes, SCRIPT, responsables de projets pédagogiques, etc - des curriculums adaptés pour l'utilisation efficace des nouvelles méthodes pédagogiques auxquels les enseignant-e-s pourront s'orienter;*

*- à mettre sur pied un programme de formation continue axée sur l'innovation pédagogique (leçons, projets, curriculums,..);*

*- à établir un recueil des méthodes pédagogiques visant à favoriser la collaboration entre enseignant-e-s dans le cadre d'activités pédagogiques communes;*

*- à instaurer un groupe de travail visant à faire une évaluation critique du système de contrôle continu et de certification dans l'école luxembourgeoise;*

*- à introduire, sur base d'exemples mis à l'épreuve dans d'autres pays, différents moyens pour diversifier et nuancer le contrôle continu et la certification dans tous les ordres d'enseignement.*

*6. Mesures générales visant à améliorer la formation et la formation continue des enseignants*

*- à proposer des mesures en vue de l'introduction de la collaboration et du travail en groupe dans la tâche des enseignant-e-s de tous les ordres d'enseignement;*

*- à élaborer une stratégie visant à intégrer peu à peu une part minimale d'éléments de tâches communes dans la tâche des enseignant-e-s;*

*- à proposer un concept visant à intégrer un volet obligatoire de formation continue dans la tâche des enseignant-e-s sans pour autant mettre en péril le bon déroulement des cours;*

*- à élargir par la suite l'offre de la formation continue pédagogique accessible dans notre pays et dans la région.*

*7. Mesures générales pour adapter les structures de l'école publique*

*- à proposer des scénarios possibles pour assurer le passage du système unique de l'enseignement post-primaire vers un échiquier d'établissements bénéficiant d'une autonomie pédagogique, aussi large que possible, mais bien cernée pour ne pas entraver l'égalité de traitement de tous les élèves dans l'école publique;*

*- à introduire - sur base des modèles différents de systèmes scolaires dans la plupart des pays de l'OCDE qui permettent une plus grande perméabilité entre les filières scolaires jusqu'à l'âge de 15 ans ou qui pratiquent carrément un système d'école unique jusqu'à l'âge de 15 ans - un ou des modèles adaptés au Luxembourg et permettant un retardement - global ou nuancé - de la séparation définitive des filières secondaire, technique et professionnelle;*

*- à proposer aux communes intéressées des modèles pour l'introduction progressive d'une offre scolaire dite «à plein temps» dans un ou plusieurs de leurs établissements scolaires;*

*- à mettre en oeuvre des dispositifs visant à initier l'expérience d'un lycée coopératif à plein temps comme offre scolaire ciblée dans un des nouveaux établissements de l'enseignement post-primaire.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu Lëtzebuerg grad esou wéi an anere Länner ass Educatiounspolitik e Sujet deen ëmmer passionéiert, mä iwwert deen eng sachlech Diskussioun enorm schwéier ass, an dat aus enger Rei Grënn.

Éischtens mengen ech wéinst der Komplexitéit vun der Diskussioun. Eng Fro déi ee léist bréngt ganz oft zéng aner Froen, nei Froe mat sech, wéinst der Diversitéit vun de Situatiounen, d'Richtegkeet vun enger Moossnam déi een hëlt, ob ee Sujet kann op engem anere Sujet falsch op der Plaz sinn.

Zweetens ass et och eng Diskussioun, déi zu Lëtzebuerg wéi an allen aneren europäesche Länner eng Vergaangenheet huet, wou verschidde politesch Parteien d'Stellunge säit Jorzéngte besat hunn, déi also ganz séier ronderëm Ideologien dréit, wou Ideologië matspillen an een dofir och ganz schnell an d'Polemik iwwergeet.

Drëttens well et eng Diskussioun ass, déi net einfach ass duerch eng ganz Rei A-priorien, duerch eng ganz Rei Droits acquis déi do matspillen, well een d'Positiounen, wann een doriwwer schwätzt, muss anhuelen, déi heiansdo Tabuen urieden, déi heiansdo och mussen, wann ee wëllt weiderkommen, Tabuen ëmstoussen. Et ass wesentlech, datt d'Schoulpartner alleguer an där Diskussioun deelhuele kënnen. Dat huet d'Chamber och gemaach duerch hir Hearingen. Et ass awer och wesentlech, datt een den Ënnerscheed, deen heiansdo vun dem Intérêt vun de Schoulpartner engersäits an dem Intérêt vun der Schoul anerersäits, gesäit. Dat stëmmt oft iwwerteneen, mä heiansdo awer sinn och Ënnerscheeder do, et stëmmt net ëmmer iwwerteneen.

Véiertens ass d'Diskussioun doduerch erschwéiert, datt op där enger Säit d'Theorie d'politesch Diskussioun, politesch Décisiounen op där enger Säit, an op där anerer Säit den Ëmsaz am Klassesall ganz oft wäit ausernee leien. De Minister kann duerch ee Gesetz Strukturen änneren, dat ass zum Beispill gemaach ginn am Cycle supérieur. Domat ännert en awer

net direkt, wann dat Gesetz hei gestëmmt gëtt, wann dat Gesetz hei ugeholl gëtt, dat wat, wann d'Dier am Klassesall zou ass, am Klassesall geschitt. Säit 15 Joer - an ech ginn ee Beispill - seet d'Regierung ënnert deene verschiddene Ministeren, datt mer déi Schoulprogrammen, déi mer mussen hunn, élargéiere missten, datt mer se vereinfache mussen. Ech hunn awer d'Impressioun, datt se, wann ech zréckkucken, an deene leschte Jore sécherlech net méi einfach gi sinn, mä datt nach zousätzlech Quantitéit vu Matière dobäi komm ass. D'Education nationale ass e groussen Apparat wou politesch Décisioune Bestanddeel sinn, mä deen awer och vill méi ass wéi politesch Décisiounen, deen och Zäit brauch fir d'Ëmsetzung an d'Realitéit.

Fënneftens well mer an der Schoulpolitik ganz oft mat Konzepter ze dinn hunn, mat Theorien ze dinn hunn, well vill Wierder gebraucht ginn, ouni datt d'Definitioun vun deene Wierder ëmmer esou kloer ass. Tronc commun, Gesamtschoul - et ass virdru vu mengem Virriedner gebraucht ginn -, dat ass eng Notioun wou jiddferee mengt e wéisst wat se géing heeschen, mä déi awer fënnef, sechs, siwe Bedeitunge kann hunn. A wann een d'Europäesch Schoulen hei kuckt, déi sech vun deem Modell gesinn, da gesäit een, datt eng Rei esou Modeller duerch Europa, déi verschidde sinn, ënnert deem Sigle lafen. Definitioune sinn op déi Konzepter, déi ee seet, wesentlech. Ech wëll déi Diskussioun, andeem ech hei ufänken, bewosst an deen dote Kontext setzen, well dat de Kontext vun der Realitéit ass a well den Ëmgang mat der Realitéit an dësem politesche Beräich wesentlech ass, grad esou wéi a villen anere politesche Beräicher. All déi Wierder, all déi Theorien, dat Theoretescht, dat Pädagogescht, déi sozial an déi psychologesch Sätz déi mer heiansdo soe si wonnerschéin, mä mir mussen ëmmer kucken, datt se der Realitéit Rechnung droen. Mir mussen ëmmer kucken, datt se och där richteger, realer Analys ënnerleie kënnen.

Ech wollt dat kloer soen, well et wesentlech am Aspekt ass vun där heiter Diskussioun. Datt déi Diskussiounen iwwer PISA also nëmme ka mat Kloerheet vun de Konzepter a vun de Konzeptioune gefouert ginn. Datt een och muss an där ganzer Diskussioun Iwwerleeunge maachen iwwert d'Lenkungsfäegkeet vun eisem Schoulinstrument, well dat e wesentlechen Aspekt vun der Schoulpolitik och ass, an datt een och sech muss bewosst si vun der Realitéit vum Machbaren an een dovunner muss ausgoen an dann heiansdo de Courage muss hu Saachen unzeschwätzen, Saachen a Fro ze stellen, déi als Tabu considéréiert ginn, a vläicht och déi Tabuen heiansdo ëmzegeheien.

D'PISA-Etüd huet eng ganz Rei Saache gewisen, mä d'PISA-Etüd huet eis awer och eng ganz Rei Saachen net gewisen. D'Resultat war dat, datt mer déi 29. waren an domat och de leschte Rang vun de Staten aus der Europäescher Union ageholl hunn. Déi Resultater, déi sinn deelweis a Fro gestallt ginn, déi sinn deelweis contestéiert ginn. Et ass gesot ginn, mir hätten eng aner Sprooch wéi eis Mammesprooch. Et ass gesot ginn, datt déi Villsproochegkeet, déi fir eis en Avantage war, an der PISA-Etüd een Désavantage war, datt mer net gewinnt waren un déi Zort vun Testen. Datt se heiansdo och an der Exekutioun net esou seriö geholl ginn ass wéi se hätt solle seriö geholl ginn. Datt se net optimal organiséiert war. Datt mer mat 18 Joer vill besser wäre wéi mat 15 Joer. Alles dat mag jo och zu engem Deel sinn, mä ech mengen awer och ganz kloer, datt dat nëmmen Nieweneffete sinn, Niewenaussoen, déi näischt un der fundamentaler Ausso vun der PISA-Etüd änneren. Ob mer elo op der 29. Plaz oder op der 27. oder op der 26. Plaz gelannt sinn, mécht en fin de compte absolut keen Ënnerscheed un deene Froen, déi mer obligéiert sinn eis ze stellen, an un deem Seriö mat deem mer mussen un déi Etüd do erugoen.

Wat heescht den Text? Et ass virdru gesot ginn, den Text mécht keng Kontroll vun deem wat mer an der Schoul geléiert hunn, mä e kontrolléiert d'Fäegkeet vun den Uwendunge vun deem Wëssen, d'Innovatioun. E kontrolléiert d'Kreatiounsméiglechkeete vun de Kanner. Mir stelle fest, datt mer ganz vill, ganz schwaach Kanner an eisem Schoulsystem hunn, datt bei eis déi sozio-ekonomesch Situatioun eng ganz grouss Influenz huet a mir stellen och fest, datt staark Schüler ganz oft net genügend ënnerstëtzt sinn. Eleng dat si Gedanken, déi eng Reaktioun sécherlech noutwendeg maachen, déi d'Politik erausfuerderen. Wéi reagéieren?

Ee Wuert oder zwee zu der Ausso „Back to basics", well se och vu mengem Virriedner ugeschwat ginn ass: Et ass eng Zauberformel déi heiansdo gebraucht gëtt an et ka jo am Fong och kee soen, datt se falsch ass, well et ass kloer datt d'Schoul muss Rechnen, Liesen a Schreiwen de Kanner bäibréngen. Dat stellt jo och absolut kee Mënsch a Fro. Kloer ass, datt Basics - et ass och eng…

***(Interruption)***

Jo, ech wollt genau dorobber kommen. Et ass kloer, datt d'Basics musse gewosst sinn. Mir mussen d'Fundamenter vun der Mathematik kennen, mir mussen d'Fundamenter vun der Sprooch kennen. Mir wëssen, datt d'Sprooch um Fundament vun allem Wëssen, wat een an deene Joren déi een an der Schoul ass léiert, op der Basis dovunner ass. Et ass awer och grad esou kloer, datt déi Basics an de Sproochen, dat Grammatikalescht, och déi orthographesch Kenntnësser, sécherlech wichteg sinn, mä eis och an enger PISA-Etüd keng Plaz weider bruecht hätten, well et jo genau dat ass wat an der PISA-Etüd net getest ginn ass, mä d'Innovatioun, d'Kreativitéit, d'Applicatioun vun deem Ganzen. Et ass net ëm d'Grammaire vum Text gaangen, et ass ëm de Sënn vum Text, ëm d'Verstoe vum Text gaangen. Fir eis ass et esou, datt et kloer ass, datt mer ouni Fundament - an dat ass jo och oft gesot ginn, ouni Fundament geet et sécherlech net - net weider kommen. Mir brauchen net just en theoretescht Fundament ouni d'Méiglechkeet fir et unzewenden, well et, wa mer et just eleng wëssen, ëmsoss a sënnlos ass. Et ass just d'Mémorisatioun an et ass zum Vergiesse verdaamt. Basics jo, mä net just Basics, et muss een och nach wësse wéi a wat ee kann domadder maachen.

Dofir geet et drëm éischtens eng prezis Redefinitioun vun de Missiounen an der Zilsetzung vun der Schoul ze ginn; zweetens och eng Redefinitioun vun de Kompetenzen, an ech soe ganz kloer vun de Kompetenzen an net vun de Matièren.

Ech héieren esou oft, wann een iwwert d'Schoul schwätzt, wann een iwwer Matièren an der Schoul schwätzt, datt gesot gëtt: Mä d'Kanner mussen dach dat hei gesinn, si mussen d'Mëttelalter gesinn hunn, oder si mussen de Rabelais oder de Baudelaire oder wien och ëmmer gesinn hunn. Or, a sech mag dat jo och nach sinn, mä et bréngt u sech en terme de compétence net ganz vill ob mer elo Deeler vun dem Programm gesinn oder net gesinn hunn. Wat wesentlech ass, dat ass, datt mer eng Rei Saache kennen, wëssen domadder ëmzegoen a wëssen déi Matière déi mer léiere beherrschen an eppes domadder ufänken. Mir mussen d'Programmer duerchkucken, Joer fir Joer, Fach pro Fach, dat Iwwerflëssegt eraushuelen, eis konzentréieren op dat Wesentlecht. Dat gëllt selbstverständlech och fir d'Methoden an d'Pédagogie.

Wat mech impressionéiert huet, dat war den Här Baumert, Direkter vum Max-Planck-Institut, dee bei eis an der Kommissioun war an deen eis erkläert huet wéi déi Recherche iwwert d'Pédagogie, iwwert d'Methodologie an de Schoule géif gemaach ginn. Wou et Methode sécherlech ginn déi d'Interesse vun de Schüler, d'Kompetenze vun de Schüler direkt uschwätzen. Wou et drëm geet, dat, wat se als Basiswësse musse kennen, net einfach als eng Theorie hinnen opzeschreiwen an zum Auswennegléieren ze ginn, mä wou et drëm geet fir dat mat hinnen auszeschaffen, dass si et och integréieren an als uwennbaart Wëssen dono beherrschen, anstatt eng Formule auswenneg ze wëssen, wou si et net fäerdeg brénge se duerno unzewennen, well se net richteg wësse wat et heescht. Do ass en enormen Effort, denken ech, an der Schoul ze maachen, fir op déi Resultater ze kommen, déi mir awer sécherlech op eng flott Aart a Weis an der Educatiounskommissioun beschriwwe kritt hunn.

Deen nächste Punkt ass deen, dass et wesentlech ass, dass d'Qualitéit vérifiéiert gëtt, dass mir regelméisseg eng Evaluatioun maache vum Wësse vun de Kompetenzen. Nach e Punkt ass d'Motivatioun vun alle Schoulpartner an net nëmmen eng Motivatioun déi dem Hasard ausgeliwwert ass, mä ech denken dass d'Motivatioun suscitéiere schonn an de System vun eiser Schoul muss agebaut sinn. Ech kommen duerno nach eng Kéier dorobber zréck.

Dann als leschte Punkt déi géigesäiteg Unerkennung an der an duerch d'Zesummenaarbecht vun deene verschiddene Schoulpartner. Et ass wesentlech, dass déi Leit, déi iwwert d'Schoul schwätzen, an dass déi Leit, déi Schoulpolitik maachen déi Leit, déi an der Schoul schaffen, respektéieren, unerkennen an och gesinn a wësse wat fir eng wichteg an ordentlech Aarbecht do gemaach gëtt.

Déi Zesummenaarbecht tëschent de Schoulpartner ass awer an eiser Schoul net onbedéngt eng Gewunnecht, ass net institutionaliséiert an ass och net geléiert gi vun deenen déi an der Schoul schaffen. Ech denken, dass dat e wesentlechen Ënnerscheed ass dee mir mat anere Länner hunn, wou d'Kollaboratioun tëschent de Schoulpartner säit Jorzéngten, Jorhonnerten a verschiddene Schoulsystemer eng Traditioun ass. Et ass also eppes wat bei eis muss institutionaliséiert ginn an notamment och agefouert muss ginn an d'Formatioune vun den Enseignanten.

Wat de Précoce an de Préscolaire ugeet, vläicht just ee Wuert fir ze soen, dass, wéi de Précoce agefouert ginn ass, en op eng grouss, eng allgemeng Zoustëmmung gestouss ass, och wa sengerzäit vill Diskussiounsstoff do war an och wann d'Madame Hennicot, déi en agefouert hat, et net ëmmer einfach hat fir dat duerchzesetze wat awer haut allgemeng als eng gutt Iddi unerkannt ass.

Mir haten an deenen Entrevuen an der Educatiounskommissioun eng laang Diskussioun iwwert d'Gewiicht vun de Sproochen hei zu Lëtzebuerg. Den Här Baumert, dee jo Expär doranner ass, huet eis an engem Saz gesot, dee mech engersäits erschreckt huet, mä dee mer op där anerer Säit awer agelicht huet, mir missten hei zu Lëtzebuerg elo eng Décisioun huelen a wat fir enger Sprooch mir eise System géinge maachen. Well déi Villsproochegkeet, déi mir hei hätten, hätt natierlech hir positiv Säiten, mä géif natierlech och eng ganz Rei Problemer mat sech brénge.

Dat war natierlech e wéineg, esou hunn ech et op jidde Fall fonnt, richteg, mä laanscht déi Lëtzebuerger Realitéit ganz kloer. Mä wat awer nach richteg ass, dat ass dass déi Situatioun, déi mir hei hunn, sécherlech keng einfach ass innerhalb vun allen europäesche Schoulsystemer, mä et ass awer wichteg, dass si en Deel vun der Lëtzebuerger Realitéit ass an dass een dofir ganz virsiichteg muss domadder ëmgoen.

Seng Ausso war déi, dass den Inhalt vun de Programmen, esou wéi mir se elo hunn, esou voll ass, dass mir net nach méi laang Schoulzäit, méi laang am Joer, méi laang am Dag, méi laang am grousse Ganze kéinten halen, mä dass mir just nach eng Méiglechkeet hätten. Dat wär ze kucken, an dat ass deelweis jo duerch de Précoce gemaach ginn, fir déi Schoulzäit am Ufank vum Liewe vum Kand mat dräi Joer unzefänken, fir esou den Apprentissage e wéineg ze verlängeren, well déi Matièren, déi d'Kand haut muss léieren an där Welt wou mir haut sinn, awer relativ grouss sinn. Dofir ass et a mengen Ae wichteg, dass mir och schonn am Précoce an am Préscolaire kucken, dass mir prezis Definitioune vun de Finalitéite vum Précoce a vum Préscolaire ginn, fir dass déi Methoden, déi keng Léiermethoden, mä déi Spillmethode sinn, selbstverständlech dem Alter vum Kand mussen ugepasst sinn. Mir mussen déi fixéieren, fir dass mir och d'Objektiven, déi mir wëllen erreechen, kloer gesinn an d'Viraussetzunge schafe fir d'Objektiven ze erreechen a fir eng Alphabétisatioun, déi am éischte Schouljoer ufänkt, ënner ordentlechen a gudde Konditioune kënnen unzefänken.

Dann och ee Wuert iwwert d'Roll vum Lëtzebuergeschen, déi och jo säit enger Rei Méint hei zu Lëtzebuerg an der politescher Diskussioun eng ganz aner Dimensioun kritt huet, och dowéinst well déi Immigratioun, déi mir an deene leschte Joren hei zu Lëtzebuerg hunn, net nëmmen eng Immigratioun ass déi net méi eleng aus dem romanophonë Sproochraum kënnt, mä eng Immigratioun ass déi och aus anere Länner vun Europa erauskënnt an dee Moment aner Sproochenoriginë mat bréngt, esou dass d'Lëtzebuergescht en fin de compte méi wichteg gëtt, well et dann u sech hei zu Lëtzebuerg déi Kommunikatiounssprooch ka ginn déi jiddferee gebraucht.

Duerfir kritt dat Lëtzebuergescht an deenen nächste Joren och an der Schoul méi eng wichteg Roll ze spillen. Mir mussen awer do och ganz gutt oppassen, dass mir net e lëtzebuergesche Grammairesunterrecht maachen, fir dass mir net dat am Lëtzebuergesche maachen, wat heiansdo an anere Sprooche gemaach gëtt, Orthographe- a Grammairekorrektioun vum Schreiwen, mä dass mir Lëtzebuergesch als déi Kommunikatiounssprooch gesinn déi mir brauche fir hei am Land mateneen ze schwätzen. Och dat wollt ech eng Kéier, well et mir um Mo heiansdo läit, ganz kloer soen.

D'Sprooche stellen eng vun deene wesentleche Froen duer am lëtzebuergesche Schoulsystem. Et mécht eis Stäerkt aus, dat ass scho méi wéi eng Kéier gesot ginn. Déi Dräisproochegkeet, oft Véiersproochegkeet bei auslännesche Kanner, oft Fënnefsproochegkeet, déi se hunn, ass sécherlech eng Stäerkt, mä et bréngt awer och eng Rei Froen an eng Rei Problemer mat sech. Mir brauche vill Zäit fir all déi Sproochen ze léieren. Mir hunn also manner Zäit zu engem Deel fir aner Fächer. Mir kreéieren domat eng Rei Problemer fir net lëtzebuergesch Kanner, déi méi Schwieregkeeten hu wa se zu Lëtzebuerg am Ausland si wéi wa se an anere Länner am Ausland sinn, well se net nëmmen eng auslännesch Sprooch, mä zwou oder dräi auslännesch Sprooche musse léieren. Dat gëtt nach accentuéiert mat der Diversifikatioun vun der Auslännerpopulatioun.

Mir hunn eng Rei Echecen an der Schoul déi op d'Sproochen zréckzefeiere sinn an déi eng ganz Rei Schüler bremsen, och wa se wëllen a Beruffer goe wou net direkt d'Sproochekenntnisser ausschlaggebend sinn, mä wou aner Kenntnisser ausschlaggebend sinn. Mä et ass nach wie vor kloer - an dat denken ech hunn all d'politesch Parteie gesot -, dass déi Dräisproochegkeet an eisem System vu Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch e wesentlechen Aspekt ass dee mir musse bäibehalen, mä eis awer nach kloer an däitlech d'Fro stellen: Wat heescht dann elo déi Dräisproochegkeet déi mir wëllen hunn?

Fir mech ass et ganz kloer, dass déi Dräisproochegkeet heescht, dass mir déi Sproochen alleguer als Kommunikatiounssprooch musse beherrschen, fir mateneen eens ze ginn, fir mateneen ze schwätzen, mä dass ee sech awer ganz gutt ka virstellen, dass an deem engen oder deem anere Schoulsystem den Apprentissage méi detailléiert op eng Sprooch geluecht gëtt fir déi perfekt ze beherrschen an hiren orthographeschen a grammatikaleschen Detailer, an dass dat net onbedéngt muss op deenen dräi oder zwou Sprooche geschéien, mä dass dat anescht ers gewiicht gi kann, deemno wat fir eng Richtungen ee mécht. Jo zur Dräisproochegkeet, mä eng Iwwerleeung iwwert dat, wat Dräisproochegkeet heescht. Dat ass e wesentlechen Aspekt dovun.

An da soen ech ee Wuert, wat den Här Garcia zu menger Iwwerraschung scho virdru selwer ugeschwat huet, iwwert de Modell Allet, deen um Fieldche säit 15 Joer gebraucht gëtt als Modell fir a sech auslännesch Kanner, déi hei an d'Land erakommen, wa se net Lëtzebuergesch oder Däitsch kënnen, an engem relativ prezise Modell an déi Sprooch eranzeféieren, fir se duerno erëm ze integréieren an de klassesche System mat deenen anere Kanner zesummen. Dat ass e Modell, deen eng extrem gutt Experienz ass, deen extrem gutt réusséiert ass an deen et och fäerdeg bruecht huet, notamment am Secondaire classique, vill méi portugisesch Kanner um Fieldchen ze hu wéi dat an der öffentlecher Schoul de Fall ass. Also et kann ee sécherlech hei net vun enger „Eliteschoul" schwätzen, mä et ass eng Schoul déi wéi déi aner öffentlech Schoul och hir sozial Missioun huet an déi mat relativ grousser Effikassitéit lieft.

Eng Iwwerleeung nach zum Engleschen, well dat an déi ganz Diskussioun vum Sproochesystem hei zu Lëtzebuerg och erapasst. Mir gesinn d'Evolutioun, déi dobausse ronderëm eis d'Sproochen hunn. Mir stelle fest, dass Englesch en ëmmer méi grousst Gewiicht kritt. Et fält mir schwéier - dem Här Fayot wahrscheinlech och als Franséischproff - dat als fréiere Franséischproff ze soen, mä ech denken, dass mir eis awer wierklech mussen Iwwerleeunge maachen ob mir net an eisem Schoulsystem d'Englesch musse méi fréi am Curriculum vun de Kanner ufänken, net onbedéngt fir hinnen erëm do Schwieregkeeten oder eng Quell méi ze maache fir eng Schoulklass net ze packen, mä fir d'Konfrontatioun mat der Sprooch ze hunn, d'Sprooch ze léieren an d'Sprooch ze kennen, well Englesch eng wesentlech Sprooch ass an ëmmer méi Wichtegkeet hei zu Lëtzebuerg an an Europa kritt. Ech menge mir komme fréier oder spéider net derlaanscht dee Wee ze goen.

D'Schoul huet nach ëmmer an eisen Aen eng wichteg sozial Roll. Mir wëllen eng Schoul, eng Primärschoul, wou all d'Kanner zesumme sinn, well wa mir dat net géife maachen, wa mir géifen d'Kanner auserneen huelen an der Primärschoul, dann hätte mir fréier oder spéider ganz sécher eng sozial Fraktur an eiser Gesellschaft, an déi kënne mir eis an dëser Gesellschaft net erlaben.

Mä dat huet awer och eng Rei Konsequenzen. Dat huet an eisen Aen d'Konsequenz, dass mir och schonn an der Primärschoul mat enger Pédagogie vun der Différenciatioun musse schaffen, well et noutwenneg haut ass a well d'Originë vun de Kanner, hir Kenntnisser an hir Basisen déi se matbréngen, extrem verschidde sinn.

Wann ech vu Primärschoule vu fréier, vu virun 30, 40, 50 Joer erzielt kréien, wou et engem Schoulmeeschter méiglech war Schüler vum éischte bis d'sechst Schouljoer an därselwechter Klass ze hunn a fir en differenzéierten Unterrecht ouni Problem ze maachen an enger Klass zesummen, da war dat wahrscheinlech déi Zäit méiglech, well mir vill méi eng grouss Homogénéitéit vun deene Klassen haten. Haut hu mir dat net méi. Haut ass déi intern Différenciatioun sécherlech eng Schwieregkeet an haut muss ee kucke wéi een déi Différenciatioun an enger an därselwechter Schoul organiséiert kritt, fir dass mir d'Méiglechkeet hu fir jiddfer Kand gerecht ze ginn.

Ech wëll eng Citatioun hei, an dat ass déi eenzeg déi ech maachen, vum SNE virliesen, dee sech och an deene Berichter, déi mir an der Educatiounskommissioun vun deene verschiddene Schoulpartner kruten, mat deem dote Problem ausernee setzt. Den Text ass op lëtzebuergesch, ech liesen en einfach vir, dee seet: „D'Hétérogénitéit vun den Elèvë verlaangt regelrecht no aneren, neien Unterrechtsmethoden:

Et kann een net weiderfuere mat Klassen, déi bontgemëscht si mat e puer douéierten Elèven, enger Rei mëttelméissegen a schwaachen, dobäi iwwer 35% Auslännerkanner an e puer sozial Fäll an engem an deemselwechte Klasseverband ze ënnerriichten.

An esou enger Konstellatioun, an dobäi a Klasse vu 15 bis 18 Elèven, och nach differenzéierende Gruppenunterrecht wëllen ze fuerdere grenzt u Verrécktheet.

Wat ee sollt versichen, dat ass fir e gutt preparéierte Projet-pilote, am Sënn vum Enseignement modulaire, ze starten.

Queesch duerch d'Altersklassen - also klasseniwwergräifend a joresiwwergräifend - Niveaugruppen ze schafen an de Sproochen an an der Mathematik, fir déi schwaach Elèvë besser kënnen ze encadréieren an déi gutt oder ganz gutt Elèven net ze bremsen an ze demotivéieren, mä se systematesch ze fuerderen an ze förderen. Selbstverständlech muss et ouni weideres méiglech sinn dass Elèvë jee no Begabung, Talent a Progrès am Laf vun der Zäit den Niveaugrupp wiesselen."

Ech fannen dat wat do gesot gëtt fundamental richteg. Et geet drëm an eise Primärschoulen den Duerchschnëtt ze vermeiden, jiddferengem op deemselwechte Wee duerchschnëttlech Educatioun ze ginn. Et geet drëm deene schwaachen Elèven op hirem Niveau eng ugepassten Educatioun ze ginn an et geet och drëm déi staark Elèven ze ënnerstëtzen, datt si och weider kommen.

Déi Motiounen, déi hei ugeschwat sinn, wéi d'Schoulcyclen, den Teamteaching, d'Zesummenaarbecht vun den Enseignanten - well et ass esou wou ee kann eng extern Différenciatioun an enger an därselwechter Schoul erreechen -, vu Module wéi et hei ugeschwat gëtt, schénge mer déi Thermen, déi Konzepter ze sinn, déi mussen an deenen nächste Joren och an eiser Primärschoul exploréiert ginn. An ech maachen d'Citatioun vum SNE fäerdeg, deen ofschléisst a seet: „Dëse System, deen eiser Schoulsituatioun besser ugepasst wär, verlaangt net vu vir era méi Enseignanten" - dat ass och wichteg -, „mä méi eng grouss Flexibilitéit vun den Enseignanten, méi a besser Concertatioun vum Léierpersonal an eng besser ofgestëmmte Koordinatioun vun de Programmer an de Matièren."

Ech hu virdru schonn iwwert d'Elagatioun vun de Programme geschwat. Mir mussen do kucken, datt mer dat wat mer säit 15, 20 Joer an der Politik soen, datt déi Programme musse vereinfacht, élargéiert ginn, och fäerdeg bréngen an d'Realitéit ëmzesetzen an datt mer dat och fäerdeg bréngen duerno am Klassesall ze hunn.

Dofir mengen ech, datt mer och musse kucke fir eis aner Moyenen ze gi fir déi Zilsetzung ze erreechen. An ech mengen d'Moyene fir déi Zilsetzung ze erreechen ass fir ze iwwerkucke wéi een déi Institutiounen, déi momentan d'Programmer ausschaffen, kann an de Grëff kréien, fir datt een och déi Zilsetzungen doduerch kritt.

Dofir sinn ech iwwerzeegt, datt eng Professionnalisatioun vun Instanzen déi Programmer ausschaffen, souwuel am Primaire wéi och am Secondaire, noutwendeg ass. Am Secondaire, mengen ech, datt ee muss pedagogesch, professionell Cellulë kreéieren, déi spezifesch mat där doter Missioun chargéiert ginn, an datt déi national Kommissioune fir d'Programmer och nach ëmmer do sinn, well si wichteg sinn, an et wesentlech ass, datt d'Enseignanten och un de Programmer kënne matschaffen. Mä datt esou Kommissioune méi eng consultativ wéi eng executiv Missioun hunn, dat ass och eppes wat deene Wënsch, vun deene ville Leit déi do vill Aarbecht maachen, entsprécht.

Wat d'Elteren ugeet - ech hunn et scho virdru gesot - hu mir hei zu Lëtzebuerg wéineg Traditioun vun der Elterenaarbecht, wat an anere Länner, notamment an den angelsächsesche Länner, eng Traditioun ass, datt d'Elteren en Deel vun der Schoul sinn an aktiv, iwwer Elterevereenegungen, iwwer Anciensvereenegungen, un der Schoul participéieren. Dat ass net esou zu Lëtzebuerg, dofir ass hei e speziellen Effort noutwendeg, well déi Participatioun awer, wéi et am pedagogeschen Ëmfeld bekannt ass, eng essentiell Roll ze spillen huet.

Ech weess, dass dat einfach kléngt, mä wann ee mat Eltere schwätzt, da mierkt een, dass et awer an der Realitéit enorm komplizéiert ass. Déi meescht heibannen hu jo selwer Kanner an hunn och scho mat villen Eltere ronderëm geschwat an ech weess och wéi déi Situatioun fir Elteren ass, déi net einfach ass, fir bei e Schoulmeeschter ze goen, well do oft eng gewëssen Distanz ass, well do och heiansdo eng Angscht ass, deemno wat ee seet, wéi e reagéiert a wat fir eng Influenz dat op mäi Kand huet. Dat ass jo dat, wat heiansdo an der Realitéit d'Schwieregkeet ass, an op där anerer Säit héieren ech jo och vill Enseignanten, mat deenen ech schwätzen, soen: Mä wa mer Elteren an d'Schoul ruffen, da kommen ëmmer d'Eltere vun deenen déi am Fong net misste kommen, well dat déi gutt Schüler sinn, an déi mat deene mer Schwieregkeeten hunn ze schwätzen, dat sinn d'Eltere vun de Schüler déi Schwieregkeeten hunn, an déi kréie mir net erbäi fir mat hinnen ze schwätzen.

Den Dialog ass eppes wat eis evident schéngt, mä wat awer net esou einfach ass ze organiséieren. Dofir mengen ech, datt deen Dialog sécherlech nach weider institutionaliséiert muss ginn, sou datt eng Obligatioun vun deem Kontakt op regelméissegem Niveau besteet. Dat ass jo och esou an deene leschte Joren an d'Schoul agefouert ginn an dat muss och, mengen ech, erweidert ginn. Datt dat och bei den Enseignanten, zu engem Deel an hirer Formation continue oder an hirer Formation initiale, als e Bestanddeel vun der Formatioun do steet. Och Elterenaarbecht ass net eppes wat jiddfereen einfach esou aus dem Aarm rëselt, dat brauch eng Rei Hiwäiser, dat brauch eng Formatioun a muss also och do ugaange sinn.

An da muss ee kucke fir all méiglech Saachen ze organiséieren, fir datt Elteren automatesch an der Schoul participéieren. Ech ka mer do gutt virstellen, an anere Länner ass dat schonn esou, datt ee Konferenzen, Séminairen organiséiert, wou Elteren an Enseignanten zesumme kënnen dohinner goen. Ech ka mer och virstellen datt, am Kader vun der Communauté scolaire, d'Eltere vill méi an d'Schoul erageholl ginn. Dat ass jo an deene Projeten, déi d'Madame Brasseur amgaangen ass auszeschaffen. Et ass ee vun de prinzipielle Punkten déi se wëllt maachen.

Ech ka mer awer och virstellen, datt mat esou ganz einfache Methode wéi déi Zensuren - an dat sidd Dir jo och amgaangen ze maachen, Madame Brasseur -, wou méi Kommentare sollen dropkommen, wou och e ganz anere Suivi soll dropkommen, wou net nëmme just solle Punkte stoen. Datt dat och e wichtege Kontakt ass mat den Elteren, datt op all deene Prüfungen, déi erëm zréckginn - déi d'Elteren awer liesen -, eng Plaz ass fir Entêten, wou e Kommentar geschriwwe gëtt, wat gutt war, wat schlecht war, wat misst weider geléiert ginn, wou eng Appréciatioun kënnt, déi iwwert dat rengt punktuellt erausgeet, fir eng aner Realitéit unzeschwätzen. Alles dat, dat dréit zu dem Kontakt mat den Eltere bäi.

An ech sinn och iwwerzeegt - well ech domat eng gutt Experienz hat, an déiselwecht gutt Experienz och bei villen Eltere konnt héieren -, datt esou eppes wéi dat, wat mer am sechste Schouljoer hunn, déi Tests uniformes déi am sechste Schouljoer gemaach ginn, och e wichtege Punkt ass vun dem Kontakt deen Eltere mat der Schoul hunn.

Wat ass do gemaach ginn? De Passageexamen ass ofgeschaaft ginn an et sinn Tester agefouert ginn. Mä d'Tester u sech waren net onbedéngt dat wichtegst. Dat wat wichteg war, dat ass datt eng Obligatioun agefouert ginn ass, datt d'Elteren an d'Schoul komm sinn a sech mat dem Enseignant déi Tester ugekuckt hunn, datt se och d'Meenung vum Psycholog a vum Schoulinspekter haten, an datt domat iwwer eng objektiv Basis, wou d'Eltere wosste wou an der Moyenne vum Land hiert Kand do géif stoen, wou et Schwächten hätt, wou et Stäerkten hätt, an datt déi Diskussioun konnt stattfannen.

Op jidde Fall huet et mir an där Diskussioun als Elteren dee Moment extrem vill gehollef. Ech hunn och nach ganz vill Echoe vun ähnlechen Experienze kritt a sinn och iwwerzeegt, datt d'Introductioun vun esou Tester, mä awer ëmmer verbonnen mat där Diskussioun déi doraus muss entstoe fir datt dat Ganzt e Sënn huet, um aneren Ënn vu Schoulcyclen - wa mer vu Schoulcycle schwätzen - och géing Sënn maachen, wou een awer gutt muss oppassen, datt dat elo net erëm zur Promotioun bäidréit, zu neien Tester, zu neiem Stress, mä et awer zur Ouverture, zur Evaluatioun an zur Diskussioun ka bäidroen.

D'Zäit ass e wichtege Faktor hei an der Chamber, mä et ass och e wichtege Faktor an der Schoul. D'Schoul brauch Rou an Zäit fir ze léieren, fir hiren Aufgabe kënne gerecht ze sinn. D'Schoul brauch eng Zäit bis se de Kanner an de Kanner hirer Familljewelt ugepasst ass. Dat ass och deelweis an deene leschte Jore geschitt, wou Rhythmussen iwwert d'Gemengen, engersäits iwwert d'Etablissementer vum Enseignement post-primaire, ugepasst gi sinn.

Mä ech denken awer, datt fir alles dat wat mer an der Schoul brauchen, all déi Zäit fir den Apprentissage, d'Utilisatioun, den Training, d'Répétitioun, wat wesentlech Effeten, wesentlech Etappe vum Léiere sinn, mer nach méi Zäit brauchen. Mir brauchen op där enger Säit eng Vereinfachung vun de Programmen, eng Déconcentratioun vun de Programmen, manner Matière, fir se méi am Fong ze beherrschen. A mir brauchen op där anerer Säit méi Zäit, fir déi manner Matière besser ze beherrschen. Déi zwee Aspekter zesumme bilden a mengen Aen eent, fir eis Efficacitéit vun eisem Unterrecht ze verbesseren.

Dofir ass et kloer, datt déi Reflexioun déi ugefaangen huet iwwert d'Schoulzäit, iwwert d'Dageszäit, d'Joreszäit, d'Wocherhythme muss weider gefouert ginn. An dat schéngt mer e wesentleche Punkt ze sinn, fir déi Reflexioun, ouni Tabuen, och kënnen unzegoen.

D'Qualitéit ass och en Aspekt vun der Schoul. Mir brauchen eng Schoul, eng Primärschoul, vu Qualitéit, dat heescht datt mer och Qualitéitspersonal brauchen a wëllen. Dofir denken ech, datt et och wichteg ass, datt mer haaptsächlech déi Akzenter setzen, vum Recrutement a vu brevetéiertem Personal.

Dat ass natierlech schrecklech einfach hei op der Tribün gesot an ech weess wéi schwéier datt dat an der Realitéit ass, an datt dat do eng vun de Froen, eng vun den Erausfuerderunge vun der Zukunft ass.

Da kënnt nach dobäi, datt déi Erausfuerderung do nach eng ganz aner Problematik mat sech bréngt. Wann een nämlech kuckt wéi vill Enseignanten - quasiment 200 fir de Primaire an 200 fir de Secondaire d'Joer - mer misste rekrutéieren, wa mer all déi Besoinen, déi mer kréien, mat brevetéiertem Personal wëllen ofdecken, dann heescht dat an anere Wierder, wann ee weess datt mer ongeféier 1.000 Primaner hunn, datt mer quasiment 40% vum Effektif vun alle Primaner, déi all Joer aus der Schoul erauskommen, wa mer eis Schoul mat brevetéiertem Personal wëllen uerdentlech un d'Fonctionnéiere kréien, missten an den Enseignement rekrutéieren. Wat awer fir eist Land keng evident Situatioun ass, an dat weess jiddfereen.

Dofir ass et e Risendéfi vun eise Schoulen an dofir muss ee sech Gedanke maachen iwwert de Rekrutement, wéi, wien, iwwert den Asaz vun deene Leit, déi an der Schoul sinn, déi ee momentan huet.

Dat ass ee vun de wichtegen, ganz sensibelen Themen, déi een och muss ugoen. An da mengen ech, datt een och direkt muss kucken datt déi Leit, déi qualifizéiert sinn, déi een huet, déi Experienz hunn, och esou agesat ginn an deene sensibele Klassen, zum Beispill am éischten an am sechste Schouljoer.

Ech fannen et net gutt, an dat ass och sécherlech de Gemengen hir Responsabilitéit, datt mer am éischten an am sechste Schouljoer, a Classes d'appui, a schwéiere Klassen, onbedéngt dat jonkt Personal, dat och gutt seng Aarbecht mécht, Chargés de cours, déi sécherlech och gutt hir Aarbecht maachen, asetzen, mä datt mer op déi sensibel Klassen awer probéieren och brevetéiert, qualifizéiert Personal ze kréie mat enger Erfahrung.

D'Qualitéit vum Enseignement ass och d'Qualitéit vun der Organisatioun vun der Schoul. Dofir si mer der Meenung, datt de Schouldirekter oder de Schouladministrateur, wéi een en och ëmmer wëllt nennen, eng wichteg Positioun an Zukunft an eise Primärschoule ka kréien. E soll responsabel si fir d'Organisatioun, e soll Projets d'école initiéieren a géréieren, e soll Kontakt mat den Eltere kënnen hunn an e soll och Kontaktpersoun mat de Gemengenautoritéiten an de Schoulautoritéiten am grousse Ganze sinn. E soll och den Inspekteren erméigleche sech op hir essentiell pedagogesch Missioun ze konzentréieren. Och dat dréit zu engem Deel zu der Qualitéit vun der Schoul bäi.

Dann zum Postprimaire: Och do, an et ass vu mengem Virriedner gesot ginn, brauche mer en differenzéierten Unterrecht. Mir brauchen eng Schoul déi jiddfer Eenzelne gerecht gëtt. Dofir brauche mer eng Schoul, déi Differenziatioun virgesäit. An dat ass jo och eng eminent politesch Diskussioun, déi vill an deene leschte Jore gefouert ginn ass, déi och iwwert d'Notioune wéi Tronc commun oder wéi Gesamtschoul gefouert ginn ass, ouni datt ëmmer déi Termen, wa se gebraucht gi sinn, kloer definéiert waren.

D'Fro stellt sech wéi séier déi Differenziatioun muss geschéien, woubäi een och nach ëmmer muss wësse wat d'Differenziatioun och hei erëm am Term heescht. Ech hu virdru vun der Primärschoul geschwat, wou ech mengen, datt eng Differenziatioun och do scho verschiddentlech noutwendeg ass, andeem mer awer d'Kanner zesummen halen.

***(Interruption)***

Här Zanussi, selbstverständlech gëtt et an de Primärschoulen déi Erfahrungen. Et si verschidde Gemengen déi Experienze vum Teamteaching maachen, schonn aner Saachen organiséiert hunn, an dat ass och gutt esou, an ech mengen, déi Konklusiounen, déi mir an enger éischter Etapp doraus zéien, sinn och relativ positiv.

Mä wann ech elo op d'PISA-Etüd zréckkommen an ech kucken d'Resultater vu PISA, well dat jo en Deel vun der Diskussioun war, an ech probéieren emol ze kucke wien dann elo wat fir eng Resultater huet, da soen ech: Bei deene Länner, wou esou Troncs communs existéieren, obwuel Tronc commun nach ëmmer net Tronc commun ass, ass et Finnland dat jo relativ gutt Resultater huet. Dat ass méi wéi eng Kéier gesot ginn. Et ass Schweden dat op véierter Plaz vu 15 läit, et ass Dänemark dat op der aachter Plaz vu 15 läit, an dann ass et Portugal dat op der 14. Plaz vu 15 läit, wann ech vun Tronc commun schwätzen.

Wann ech dann aner Länner huelen déi déi klassesch Opdeelung hunn, da stellen ech fest datt do Éisterräich op fënnefter Plaz vu 15 läit, a wann ech Däitschland kucken, wou mir jo e gemëschtene System hunn, da stellen ech fest datt Länner wéi Bayern, wann ech se géif op d'europäesch Moyenne héichrechnen, och op fënnefter Plaz vu 15, dat heescht op enger gudder Plaz europäesch géife leien, an op der leschter Plaz Däitschland läit, wou par contre Hessen eng ganz aner Plaz, déi lescht, am däitsche System huet.

Ech wëll awer net ze vill doraus schléissen. Ech wëll soen, bei där doter Diskussioun muss een nu wierklech op déi vereinfacht Solutiounen, déi vereinfacht Konklusiounen, déi een doraus zitt, oppassen, well wa mer alles hei kucken, da beweist et sech, datt keng esou vereinfacht Konklusiounen doraus ze zéie sinn. A wann ech da Länner wéi Irland kucken dat dat zweet vu 15 ass, da stellen ech fest datt mer do e System hunn, deen zwar all Kanner zesummenhält an deene selwechte Gebaier, mä deen am Kader dovunner eng Wiel vun de Fächer organiséiert an och pro Fach eng Wiel vun den Niveauen organiséiert. Dat heescht, e probéiert sech op déi do Aart a Weis ze adaptéieren op all Kand.

D'Konklusioun, déi ech doraus zéien, zumindest déi, déi d'CSV doraus zitt, dat ass, datt mer net direkt fir e Modell vun Tronc commun a Gesamtschoul sinn, wann dat heescht datt an dräi Joer alles soll zesummen an ondifferenzéiert sinn, mä datt d'Schoul an eisen Aen an deenen nächste Jore sécherlech duerch Terme wéi Fle-

xibilitéit, déi Transitiounen erlaabt, an Differenziatioun wäert gepräegt sinn.

An zwee Punkten, déi eis elo ganz kloer als wesentlech erschéngen, dat ass, datt mer der Meenung sinn, datt all Kanner scho sollen, mindestens am Cycle inférieur, an deene selwechte Schoulgebaier sinn. Do hu mer jo eng Rei Experienze gemaach. Wann ech elo den Aline Mayrisch kucken, wou dat esou ugelaf ass a bis elo kee Problem war, do waren éischter zefriddenstellend Resultater. Wann ech och de Lycée vu Mamer kucken, deen esou geplangt ass, dat ass zu Bouneweg - an den Här Sunnen setzt heibannen - jo och esou gewiescht. Dat ass um Fieldchen säit ëmmer esou gewiescht, ouni datt et e Problem war an den Transitiounen. Extrem vereinfacht och e Beispill duerch de Fait datt d'Privatschoulen e ganz soziaalt Engagement an deem Sënn kënnen hunn.

***(Interruption)***

D'Méiglechkeet dann, niewent dem Fait datt all Kanner an engem Gebai solle sinn, vun der Aféierung vu verschiddene Coursen op verschiddenen Niveauen. Virdrun hunn ech schonn d'Aféierung vun enger éischter an enger zweeter Sprooch ugeschwat. Et kann een dat och fir aner Coursen iwwerleeën. Dat erlaabt eng besser Upassung, dat erlaabt besser Transitiounen.

An dann deen allerwichtegste Punkt vum Lëtzebuerger Schoulsystem, denken ech, ass eng Reflexioun iwwert d'Motivatioun an eise Schoulen. Et ass den Zentralpunkt vun all System, dee muss fonctionnéieren, och vun der Schoul. Oft feelt d'Motivatioun an der Schoul. Eng Constatatioun déi ech aus ville d'Gespréicher maachen, ob dat elo mat fréiere Beruffskolleegen oder esouguer mat Schüler ass. Dat wëllt awer net heeschen, datt d'Enseignanten alleguer demotivéiert sinn, sécherlech net. Mä wann ech eise System analyséieren, da muss ee feststellen, datt awer eng gewësse Rigiditéit, eng Onflexibilitéit dran ass, a sécherlech ass dat net motivatiounsfördernd.

Pedagogesch Engagementsaarbecht ronderëm d'Schoul, schwéier Tâchen déi een an der Schoul iwwerhëlt, sinn net ëmmer unerkannt an deene Systemer déi mir elo hunn. D'Formation continue ass net onbedéngt eng zousätzlech Valeur am Curriculum vun engem Enseignant, an d'Participatioun an de Projeten och net ëmmer. Eise System, d'Permutatioun, d'Promotioun ass haaptsächlech ëm d'Anciennetéit momentan opgebaut.

Bei de Schüler ass et esou, datt, wann ech mat de Kolleege vu menge Kanner schwätzen, mer ganz oft eng Diskussioun hunn iwwert d'Punkten. Eng Diskussioun „Op 30 schaffen, dat geet jo duer". Dat ass fir mech keng motivant Haltung. Wann ech och kucke wat a PISA niewent der Analys ass, wou iwwer Punkte geschwat gëtt, da stellen ech fest, datt eng schrecklech interessant Fro doranner besteet fir d'Kanner ze froen, ob se vill mat hiren Elteren doheem géinge schwätzen. Do kënnt dann eraus, datt 44,1% vun de Kanner soen, si hätte ganz vill Diskussioune mat hiren Elteren, datt och 84,6% vun de Kanner soen, datt se zesumme mat hiren Eltere géingen um Dësch sëtzen, iessen, an do och mat hinne schwätzen. A wann da gefrot gëtt, an dat freet d'PISA-Etüd, wat gëtt da geschwat, da lëschtegerweis kënnt als eng vun den Haaptäntwerten, datt 47,2% vun de Kanner mat hiren Elteren iwwert d'Schoulresultater, d'Punkte schwätzen, an net iwwert d'Inhalter, wat an der Schoul geléiert gëtt, mä iwwer „wéi vill krut ech an der Prüfung" an net „wat hunn ech geschriwwen". Dat ass signifikativ fir eise System an ass net ganz motivant. Motivant wär iwwert d'Inhalter, iwwert d'Begeeschterung vun deem wat ee léiert ze schwätzen. An do ass och de Kärpunkt vun deenen Iwwerleeungen, déi mer musse maachen.

***(Interruption)***

Wéi kréie mir d'Motivatioun an d'Schoul eran? Här Asselborn dat ass richteg, et ass zu engem Deel wéi an der Politik.

Ech sinn iwwerzeegt, datt ee vun de wichtege Punkte fir d'Motivatioun an d'Schoul eranzekréien dee vun der Schoulautonomie ass. Autonomie bréngt Responsabilisatioun, an Autonomie net nëmmen an dem organisatoreschen, net nëmmen am finanzielle-budgetären, mä och am pedagogeschen, och iwwert d'Schoulprojeten. Dat beinhalt dann eng ganz Rei vu Saachen. Dat beinhalt a mengen Aen, datt de Rekrutement vun den Enseignanten an deene verschiddene Schoule muss nei iwwerluecht ginn, net méi onbedéngt ka just op der Anciennetéit baséieren, mä op anere Kritären. Well et schéngt mer ganz einfach d'Basislogik ze sinn, wann een e grousse Projet mécht, ech soen elo emol iwwer Sport an de Schoulen, Sportsklassen an esou weider, datt dann och déi Enseignanten, déi an déi Schoule kommen, Leit sinn, déi eng Ahnung dovun hunn, déi dat interesséiert, a wou et logesch ass, datt déi an där Schoul Schoul hale wou esou e Projet ass, an net an enger anerer Schoul wou en anere Projet ass, wou se manner kompetent dofir sinn. Also ass doriwwer och, mengen ech, op jidde Fall eng Iwwerleeung ze féieren.

Autonomie soen ech dann net nëmme vun den Direkteren, mä zu engem Deel eng Autonomie vun der Schoulgemeinschaft, well Autonomie Responsabilisatioun bréngt, a well Responsabilisation Motivatioun bréngt, och eng Deelautonomie vun der ganzer Schoul gemeeschtert vun alle Schoulpartner. Autonomie muss duerch administrativ Moyenen an duerch Formatioun zur Autonomie begleet ginn. Mä Autonomie mengen ech awer geet nëmmen an der grousser Transparenz. An Transparenz kann een nëmmen erreechen duerch regelméisseg Evaluatioun an duerch regelméissege Contrôle. Dofir sinn ech der Meenung, datt déi national Tester, déi an deene leschte Joren agefouert gi sinn, an déi och nach erweidert ginn op 5ième, 3ième, 9ième, 11ième, scho wichteg sinn, well se jiddfer Kand erlaben ze wësse wou et net nëmmen a senger Klass steet, well dat ganz oft net aussagekräfteg ass, mä datt et weess wou et an der nationaler Moyenne do steet a sech selwer kann évaluéieren, an domat seng Orientatioun vu sech selwer och vereinfacht. Dobäi ass et wesentlech, datt déi Resultater transparent a kloer sinn. Evaluatioun ass noutwendeg, Evaluatioun vun de Schüler muss am grousse Ganze gemaach ginn op eng Aart a Weis, wou net nëmmen eng normativ Evaluatioun ass, wou net nëmme Punkten ofgezu ginn, mä wou et eng formativ Evaluatioun ass, déi u jiddfer Eenzelnen ugepasst ass a wou se och motivant ka si fir weider ze schaffen.

Evaluatioun, denken ech, muss sinn, well Evaluatioun leeschtungsfördernd ass. Si muss just positiv sinn a si muss dem Kand gerecht ginn. Si muss Orientéierung kënnen erlaben.

Evaluatioun och vun den Enseignanten. Eng formativ Evaluatioun vun den Enseignanten. Eng Evaluatioun, déi am Kader vun der Schoulautonomie geschitt, déi an Teamaarbecht ka geschéien, déi Formatioun continue beinhalt, Formatioun continue déi a mengen Aen eng Obligatioun an ee Recht muss sinn, mat der Zilsetzung fir jiddfereen, deen do schafft, et nach besser kënnen ze maachen.

Eng Evaluatioun awer och vun de Schoulgebaier hire Projeten, eng regelméisseg Evaluatioun. Och international Evaluatioune vun eisem Schoulsystem nom Modell PISA sinn a mengen Aen noutwendeg.

Ech sinn iwwerzeegt, datt am Interne vun dem Fonctionnement vun eiser Schoul d'Notioun vu Motivatioun ëmmer méi muss erreecht ginn.

Niewent der Anciennetéit, ech hunn et virdru scho gesot, sollen och Engagement an Initiativ an eise Promotiouns- a Permutatiounssystemer hir Plaz fannen. Pädagogescht Engagement, Aarbecht ronderëm d'Schoul, d'Acceptatioun vu schwéieren Tâchen, Kontakt mat Schüler an Elteren, Formatioun continue, pädagogesch Projetë mussen doranner hir Plaz hunn. An deem Kontext ass och eng Reflexioun iwwert d'Tâchen noutwendeg, zum Beispill iwwer Koeffizienter. Haut hu mer jo vill Koeffizienter, loosse mer et emol esou ausdrécken, haut hu mer héich Koeffizienter ganz oft bei héije Klassen, bei Premièrë wou wëssenschaftlech vill gefuerdert ass a wou eng grouss Virbereedungsaarbecht bei den Enseignanten ass, a manner héich Koeffizienter bei Klassen, déi pädagogesch méi erausfuerdernd sinn. Ech mengen, datt bei deene Koeffizienter déi pädagogesch Valeur vun de Klassen, déi pädagogesch Aarbecht, déi ganz schwéier ass bei manner wëssenschaftlech fuerdernde Klassen, muss an Zukunft méi an de System mat agerechent ginn, muss méi accentuéiert ginn.

Des Weideren ass et wesentlech, datt am Kader vun där doter Diskussioun all déi Aarbecht considéréiert gëtt, déi virun an déi no de Schoulstonne gemaach gëtt. D'Schoul ass net eriwwer wann et bis geschellt huet. D'Schoul ass net eriwwer wann d'Schouldier opgeet. E wichtegen Deel vun der Schoul fänkt dann un, deen Deel, deen de kontinuéierleche Kontakt fördert zwësche Schüler an Enseignant, de kontinuéierleche Kontakt zwëschen Enseignant an Elteren, deen eng Noutwendegkeet an der Schoul ass.

An deem Kader wollt ech froen, wéi wäit d'Educatiounsministesch mat deenen Aarbechten ass, déi am Regierungsprogramm virgesi sinn iwwert déi ganz Reflexioun vum Perimeter vun der Missioun vun den Enseignanten?

D'Ganzdagsschoul. Dat ass och esou eng grouss Diskussioun. Fir d'CSV, soen ech ganz kloer, kann d'Ganzdagsschoul eng Alternativ sécherlech sinn, mä mir sinn awer der Meenung, datt d'Ganzdagsschoul net allgemeng an net obligatoresch sollt sinn, well wa se allgemeng an obligatoresch wär, géif dat villes an eisem soziale Liewen, wat haut wichteg ass, futti maachen. Se entsprécht och sécherlech net dem Familljeliewe vun enger ganzer Rei Familljen, déi sech kënnen a wëllen anescht organiséieren.

D'Ganzdagsschoul soll a kann ee ganz flotte Modell sinn, dee fir ganz vill Famillje villes brénge kann. Mä wat heescht et a wéi soll een et maachen? Och dat ass eng wesentlech Fro.

Mir hunn an der Stad Lëtzebuerg, wann ech dann dorobber däerf zréckkommen, gemengt, datt mer kënnten dee System, notamment do wou mer responsabel sinn, also fir d'Primärschoulen esou organiséieren, datt mer bei jiddfer Quartier a bei jiddfer Primärschoul e Foyer ouvert an e Foyer scolaire géingen dohinner setzen, wou all Kanner, déi et wëllen, kënnten niewent der Schoul dohinner goen, do versuergt ginn - mä dat ass jo net de wesentlechen Deel -, awer och pädagogesch Hëllef kréien, deen Encadrement kréien, dee wichteg ass, deen hinne ka schoulesch an och nach an hirem normalen Développement weider hëllefen.

Ech denken, datt dat e Modell ass, esou wéi een d'Ganzdagsschoul ka gesinn. Dat Ganzt jo dann an enger Hand an zwar an der Gemengenhand, an déi Diskussioun, ob et elo d'Education nationale ass an d'Famille, stellt sech guer net, well et ass hei d'Gemeng déi et an de Primärschoule kann organiséieren an et an enger Kontinuiéierlechkeet kann organiséieren déi Sënn mécht fir de ganze System. Et gëtt esou Modeller an der Stad Lëtzebuerg, mä sécherlech probéieren och nach aner Gemengen dat ze realiséieren, mä ëmmer als Optioun, Optioun, wou awer elo quasiment 40% vun de Kanner déi am stater Schoulsystem sinn op irgendeng Manéier vun deenen Offeren, déi do gemaach ginn, profitéieren.

An da mengen ech och, datt ee kann am Kader vun der Schoulautonomie higoen a Projete vun der Ganzdagsschoul am Postprimaire erméiglechen, mä, wéi gesot, dat muss ee kucken, wéi een dat dann organiséiert am Kader vun der Schoulautonomie. Et si jo scho verschidde Gebaier déi aner Programmer, aner Horairë sech eraus gewielt hunn, no aneren Horairë fonctionnéieren. D'Ganzdagsschoul kann ee sech och virstellen, datt se am Kader vun där Autonomie an engem oder dem anere Gebai organiséiert gëtt.

An da kommen ech zum Schluss, fir ze soen, datt ech probéiert hunn hei eng Rei Iddien, eng Rei Konzepter ze développéieren, eng Rei déi sécherlech net komplett ass.

En résumé wëll ech soen, datt PISA eng Etüd ass, déi Resultater bruecht huet, déi sécherlech seriö ze huele sinn, datt mer hei eng Schoul wëllen, déi kannergerecht ass an déi jiddfer eenzelne Kand gerecht gëtt an domat Diversificatioun an de System vun der Primärschoul, vum Post-primaire erasetzt; datt mer eng Schoul wëlle wou geléiert gëtt, wou geschafft gëtt a wou och Zäit ass fir ze léieren a fir ze schaffen. Dat heescht Programmer rekonzentréieren, dat heescht awer och déi Methoden, déi mer hunn, esou iwwerschaffen, datt Kreativitéit an Imaginatioun eng Selbstverständlechkeet ginn. Dat heescht weider, datt mer eng Schoul wëlle wou Autonomie a Responsabilitéit grouss geschriwwe sinn, wou Evalutatioun an Transparenz eng Normalitéit sinn. Datt mer eng Schoul wëllen, déi net ophält wann d'Schell geet a wou d'Kanner Orientatioun an Hëllef fannen, eng Schoul, déi prioritär sech ronderëm d'Kand orientéiert.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Mady Delvaux-Stehres agedroen. D'Madame Delvaux-Stehres huet d'Wuert.

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn elo 13 an en halwe Mount hier datt d'PISA-Etüd virgestallt ginn ass, am Dezember 2001, an ech hat eigentlech deemools gemengt dee PISA-Schock, dee wär salutaire, dee géif Bewegung bréngen an d'Schoulreformen, besonnesch eng Ministesch, déi sech d'Bildungsoffensiv an de Fändel geschriwwen hat, déi géif doraus Energie a Motivatioun schöpfe fir dann och déi Bildungsoffensiv hei ulafen ze loossen. Mä ech hat mech awer do geiert.

Et ass roueg gi ronderëm d'Schoul. Ech huelen un, dass dat de Ministère och arrangéiert. Alles gëtt jo gemaach fir d'Leit anzeschlofen. Dofir, huelen ech un, bedeelegt Lëtzebuerg sech net un der PITA-Etüd, well dat kënnt jo mol erëm Opreegung hei am Land provozéieren, wann déi géif erauskommen. A wann ech esou kucken, wéi sech esou virbereet gëtt op déi nei PISA-Etüd, da gëtt jo alles gemaach fir dass mer do e bësse besser ofschneiden. Et geet also drëm fir Rou ze schafen. Ech weess awer net ob et duergeet nëmme Window-dressing ze maachen, well ech denken, dass d'Problemer hei am Land vill méi eescht sinn an dass d'Situatioun aner Mesurë verlaangt.

Ech wëllt hei awer och soen, dass d'Chamber hir Aarbecht an dësem Dossier net gemaach huet. Et läit kee Rapport hei vir zu esou engem wichtegen Débat, ee Rapport wou ee sech géif ausernee setze mat deene villen Aussoen, déi hei am Hearing am Abrëll gemaach si ginn. Dat kann een elo interpretéiere wéi ee wëll, entweder hat kee Loscht e Rapport ze maachen, ech mengen zwar, den Här Garcia hat Loscht, mä et hat kee Loscht fir hie Rapporteur ze nennen.

***(Interruptions)***

Op där anerer Säit ass et och vläicht esou, dass d'Majoritéitsparteien net eens sinn iwwert déi Politik déi soll an der Regierung gemaach ginn an dass dat eng Ursaach kënnt si firwat dass kee Rapport do läit. Mä ech loossen déi Spekulatiounen op der Säit, dat bréngt eis jo elo hei net weider. Ech hu just héieren, dass anscheinend eng Motioun soll komme vun de Majoritéitsparteien. Déi, déi circuléiert ass virun haut, déi ass allerdéngs esou vague an déi seet alles an näischt. Si setzt keng Prioritéiten a si widderhëlt wat esou oft schonn hei an där Chamber an och op anere Plaze gesot ginn ass.

Ech mengen, mä ech sinn awer méi nei an deem Dossier, dass eigentlech deen Text « Demain l'école », deen ënnert dem Marc Fischbach erauskomm ass, schonn eng komplett Oplëschtung gemaach hätt vun de Schwéierpunkter, vun den Objektiver vun der Schoul, wéi ee misst dorun erugoen, mä den Här Fayot seet mer, scho laang virdru wär dat alles do gewiescht. Et war also alles gesot. Allerdéngs feelt et un der Ëmsetzung. A wann elo eng Motioun géif kommen, wäert Dir Iech jo net wonnere wa mer déi, déi do circuléiert ass, net géife stëmmen. Par contre wëllt ech am Laf vu menger Interventioun Motiounen zu prezise Punkte virleeën. Ech erklären och firwat mer net eng Motioun mat enger allgemenger Reform vun der Schoul dohinner leeën, well ech perséinlech hunn et jiddefalls sat, dass jiddfereen hei seng Visiounen entwéckelt wéi eng Schoul kënnt ausgesinn an dass mer an deene Visiounen esou grouss sinn, dass mer mat deene klenge Schrëtt, déi mer wëlle maachen, net dorun erukommen. Ech mengen, dass eis Schoul konkret Mesurë brauch, fir dass mer fir d'Kanner, fir d'Elteren, fir d'Land weiderkommen.

Mä dee Rapport, deen et also net gëtt, deen hätt awer kënnen e Constat zréckhalen iwwert den Zoustand vum Bildungswiesen zu Lëtzebuerg. En hätt eis erlaabt och dat Positiivt an eisem Schoulsystem vläicht festzehalen, wéi zum Beispill d'Villsproochegkeet, déi mir jo scho laang praktizéieren, mat méi oder manner Gléck, mä déi awer neierdéngs en Objektiv ass vun Europa, wat déi aner Länner elo probéieren unzestriewen.

Allerdéngs hätt de Rapport och missen déi negativ Punkten zréckhalen. Mir hunn en immens héijen Taux d'échec an der Schoul. 20% vun de Jugendleche verloossen d'Schoul ouni Diplom, ouni Qualifikatioun. Eis Schüler kënnen dat geléiert Wëssen net uwenden oder schlecht uwenden. Eis Schoul combléiert déi soziokulturell Defiziter vum Elterenhaus net. Ganz krass gesot hänkt den Erfolleg an der Schoul zu Lëtzebuerg net vun der Intelligenz vum Kand of, emol net vu sengem Fläiss, mä vum soziale Milieu aus deem et kënnt. An dat ass net eng nei Erkenntnis, dat huet d'Magrip-Etüd an de 70er Jore scho ganz kloer beluecht.

Dee Rapport, deen et net gëtt, hätt misse Prioritéiten a mengen Ae festleeën an de Punkt maache wou mir stinn, well eigentlech, wann ech ëmmer déi Rieden hei lauschteren, an och op anere Plazen, gëtt

et jo awer e Konsens iwwer verschidden Aktiounen, déi mir fir d'Schoul zu Lëtzebuerg misste maachen. Emol éischtens Kompetenzen definéieren, déi d'Schoul soll vermëttelen, d'Programmer entlaaschten, Methoden ausschaffen, pedagogesch Methoden, d'Ausbildung vun de Schoulmeeschteren a vun de Léierinnen, d'Weiderbildung obligatoresch maachen, Projets pilote evaluéieren a se wëssenschaftlech begleeden.

A wéi steet et da mat deenen Aarbechten? D'Kompetenzen definéieren, déi d'Schoul soll vermëttelen? Ech weess net, wou dat definéiert gëtt. Ech héiere just d'Ministesch soe mir misste back to basics. Ech huelen un, dass dat also déi Kompetenze sinn, déi si definéiert huet. Ech bleiwe bei menger Meenung, dass dat e bësse kuerz gegraff ass. Ech muss och soen, wann ech dat hannerfroen, schonn eleng beim Liesen, well wat heescht liesen, dat heescht jo net, dass ee Wierder, Buschtawe kann uneneestrécken, dat heescht jo dass ee Lieser sech ka mat engem Text auserneesetzen, dass hien e kann interpretéieren, dass hien e kann analyséieren an hie verlaangt vum Lieser e ganz komplext Mobiliséiere vu verschiddene Fäegkeeten a Kompetenzen. Datselwecht ass mam Schreiwen. Et soll een eng Postkaart kënne schreiwen, e Rapport, eng Dissertatioun oder eng Ried fir an d'Chamber. Deen einfache Slogan do, fir ëmmer ze soe mir musse liesen a schreiwe léieren, mir geet dat net duer als Definitioun.

Deen zweete Punkt. D'Programmer iwwerschaffen an déi sollen dann délestéiert ginn, méi einfach, méi kleng gemaach ginn. Anscheinend kruten d'Programmkommissiounen och déi Aufgab. Meng Fro ass: Wou si se drun? Wat krute se als Aufgab? Wou sinn déi Moyenen, fir dass se där Aufgab kënne gerecht ginn? Wéi bauen déi Kompetenze mat an hir Programmerdiskussioun mat eran? Wou ass déi fächeriwwergräifend Kommissioun, déi deem Ganze géif eng Koherenz ginn, fir dass dat net e Puzzle gëtt, wou erëm jiddfereen a sengem Eck e Programm zesummebastelt?

Wéi ass et mat der Reform vun der Ausbildung vun de Schoulmeeschteren a Léierinnen? Elo hu mir jo e Projet Uni Lëtzebuerg. Zwar gesinn ech, dass den ISERP doranner soll opgoen an da gëtt et eng Diskussioun anscheinend, ob d'Schoulmeeschteren an d'Léierinnen sollen dräi oder véier Joer ausgebilt ginn. Ech brauch hei net nach eng Kéier ze soen, dass mir der Meenung sinn, dass ee soll véier Joer ausbilden, mä anscheinend gëtt et do awer keen Accord an der Regierung. Mä wat sinn d'Inhalter vun der Lehrerausbildung a wéi gliddert dat sech an an déi Hierarchie Bachelor, Master an esou weider?

Dat si lauter Froen, wou ech keng Äntwert drop weess, mä vläicht gi mir dat jo alles haut gewuer. Ech wëll och net héieren, dass dat ënnert d'Kompetenz vun engem anere Ministère fält, well da muss ech hei nach eng Kéier soen, dass ech dat lamentabel fannen, dass zwee Ministèren sech déi Kompetenzen do deelen.

Dann déi obligatoresch Weiderbildung vun den Enseignanten. Hei hu mir eng Motioun gestëmmt, dass dat soll geschéien. Firwat ass dat dann net gemaach ginn? Firwat maache mir dann en Débat hei, wann déi Saachen, déi mir hei décidéieren, net geschéien? Wou ass dann dat Konzept dovunner? Ech héieren, ech liesen an ech weess, dass dat och esou ass, dass e ganz grousst Ugebot besteet u Weiderbildung, an dass d'Enseignanten och ganz gutt dovu profitéieren. Mä gëtt et dann e Konzept? Ka jiddferee sech säin Hobby eraussichen, wat hien do wëllt an der Weiderbildung maachen, wou een awer weess an der Zwëschenzäit gëtt et awer Literatur genuch, fir dass Weiderbildung eigentlech nëmmen e Sënn mécht, wa se sech an e pädagogescht Ensembel abett a wann net een Enzelnen eppes léiert, mä dass dat Répercussiounen huet op eng Équipe an op en Team.

Projet-piloten ze évaluéieren an ze begleeden: Véier Punkten huelen ech eraus, mä déi Lëscht ass endlos. Déi nei Fibel: Elo säit enger gewëssener Zäit héiere mir am Hierscht géif déi nei Fibel generaliséiert ginn. Ech weess zwar net wéi een Hierscht - an dat gehéiert eigentlech och net zu menger Fro - , mä et schéngt awer esou ze sinn, dass elo déi éischt nei Fibel säit Jore getest ginn ass an dunn ass fonnt ginn, déi wär awer net esou gutt, an da gëtt elo eng zweet nei Fibel ausgeschafft an déi gëtt getest.

Elo hunn ech awer héieren an engem Reportage op der Televisioun, dass elo erëm en neie Grupp vun Enseignantë sech mat der éischter neier Fibel beschäftegt an déi dann test an der Schoul. Wann ech dat elo richteg verstinn, da ginn et also elo dräi Zorte vun Alphabétisatioun: déi eng mam Simsalabim, déi zweet mat där éischter neier Fibel an déi drëtt mat där zweeter neier Fibel. Dat wär jo elo en interessant Experiment fir dat begleeden ze loosse vun engem Comité scientifique, deen da géif kucke wéi eng Method dann déi beschte Resultater huet. Dat wär jo eng eenzeg Chance. Meng Fro ass: Geschitt dat?

Zweete Punkt: Dat éischt an dat zweet Schouljoer kann ee jo elo a verschidde Projets pilote an dräi Joer maachen. Dat gëtt et scho während enger Rei vu Joren. Verschidde Gemenge praktizéieren dat. Esou wäit ech weess sinn déi Modeller net all d'selwecht. Verschidde Gemengen organiséiere sech e bëssen anescht, déi eng leeën déi schwiereg zesummen. Enfin, et gi verschidde Modelle fir dat ze organiséieren. Meng Fro ass: Wou ass den Accompagnement scientifique dovunner? Wéi ee Modell ass dee beschten? Sinn déi Modeller gutt, fir dass ee se ka generaliséieren am ganze Land? Si se vläicht esou gutt, dass een dat kann ausdehnen op dat drëtt a véiert Schouljoer, well wann ee kann déi éischt zwee Schouljoren an dräi Joer maachen, da gesinn ech awer am Fong net a firwat mir déi Flexibilitéit net an deenen anere Schouljoren offréieren.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Eng drëtt Fro zu de Sproochen. Mir wëssen, dass mir eng Chance an e Problem hu mat eiser Villsproochegkeet. Dat gëtt jo hei ëmmer erëm betount. Da misst also eng fundamental Reflexioun iwwert den Enseignement vun de Sproochen zu Lëtzebuerg stattfannen. Ech denken och, dass dat geschitt. Ech kenne jiddefalls perséinlech e ganze Koup Leit, déi sech domadder beschäftegen.

Ech war elo am Hierscht op engem Séminaire deen organiséiert ginn ass vum Ministère zesumme mam Conseil de l'Europe hei zu Mondorf zu Lëtzebuerg - du has och kee groussen Déplacement -, an dat ass iwwert de Portfolio européen des langues gaangen. Ech muss soen, ech hunn dat immens interessant fonnt. Ech krut och ganz vill Dokumentatioun mat. Et ware vill interesséiert Enseignanten do an ech hat d'Impressioun, mä ech sinn awer kee Spezialist, dass dat en Instrument kéint sinn, fir dass mir eis en Outil ginn op eng differenzéiert Manéier Sproochenunterrecht hei zu Lëtzebuerg ze maachen, well et eis géif erlabe verschidden Niveaux de compétence am Liesen, am Schreiwen an am Verstoe festzeleeën an et géif eis eng Flexibilitéit gi fir en differenzéierte Sproochenunterrecht net nëmmen am Secondaire technique, mä an allen Unterrechtsorderen hei zu Lëtzebuerg bis an de Secondaire ze offréieren. Meng Fro ass: War dat elo eng Eintagsfliege oder gëtt dorunner geschafft? Ginn et do Scientifiquer, déi do e Konzept ausschaffen?

Dee véierte Punkt, deen ech hei wollt huelen - mä wéi gesot, ech erspueren Iech all déi aner -, ass de Modularunterrecht an ech hunn elo just héieren, ech menge vum Här Wiseler, dass dat jo kënnt eng interessant Pist si fir en differenzéierten Unterrecht. Elo hu mir e Modularunterrecht am Régime préparatoire. Meng Fro: Gëtt dat dann och évaluéiert? Ech héiere Rumeuren, déi ech net kann novollzéien: Dat wär net esou positiv an et géif och dru geduecht gi fir dat erëm ofzeschafen, well dat deene Schüler näischt géif bréngen. Mä um Gottes bittes Wëllen, wa mir lauter Projet-pilotë maachen, da kommt mir évaluéiere se dach. Mir loossen d'Leit dach net riets a lénks ronderëm lafen, Saache mat vill Energie a vill Enthusiasmus an d'Welt setzen an dann herno verlafe se am Land. D'Leit si frustréiert. Et bréngt der Schoul näischt. Ech weess net firwat dat gutt ass.

Ech weess a jiddfereen heibanne weess, dass Schoulreformen nëmme laangfristeg Effeten hunn, an dass ee Minister net responsabel ass fir dee ganze Schoulmisère hei zu Lëtzebuerg, mä mir bräichten awer e Minister als Kapitän, e Pilot deen d'Richtung ugëtt an dee sech net verzettelt a lauter Aktiounen, déi dorëmmer am Sand verlafen. Ech mengen, dass et Mesurë ginn, déi kuerzfristeg kënnten en Effet hunn an dat ass, vu dass d'Erkenntnis vun der wëssenschaftlecher Literatur jo weist, dass ee Kanner soll fréi förderen - dat ass iwwerall e Konsens -, well se do am réceptiivste si fir nei Stimulien a well am jonken Alter déi meescht kulturell Désavantagen nach kënnen ofgebaut ginn, wat herno vill méi schwéier ass, wann d'Kanner méi al sinn.

Dat géif also heeschen, dass d'Education précoce misst generaliséiert ginn. Mir ware fir déi Education précoce, mä et ginn awer nach ëmmer 46 Gemengen déi se net hunn. Dat heescht net, dass d'Kanner mussen dohinner goen, mä a 46 Gemengen hei am Land hunn d'Kanner déi Méiglechkeet guer net. Frühförderung heescht och, dass bei jonke Kanner, dat heescht also Spillschouls- a Primärschoulskanner, eng pädagogesch Betreiung niewent den traditionelle Schoulstonne misst offréiert ginn an der Schoul, well et do mat deem meeschte Succès méiglech ass sozial Defiziter aus der Welt ze schafen.

Déi Offer u Betreiung nieft der Schoul ass net noutwenneg fir dass d'Kanner versuergt ginn - wéi hei esou oft gesot ginn ass - oder fir dass d'Mammen hir Rou hunn oder dass se kënne schaffe goen an, wéi dann och nach béis Zonge soen, fir dass se kënne bei de Coiffeur goen, wann d'Kanner da gutt versuergt sinn. Et ass falsch fir ze mengen dat wär just e Confort deen een den Eltere géif bidden. Mir brauchen eng pädagogesch Betreiung vun de Kanner niewent der Schoul fir déi Kanner déi défavoriséiert sinn, fir deenen d'Kultur méi no ze bréngen, fir deenen nei Ureegungen ze ginn, déi se doheem net fannen. Dat ass e pädagogescht Konzept.

Dat ass fir d'Chancëgläichheet hei am Land ze garantéieren an net fir d'Bequemlechkeet vun den Elteren, wéi hei an Aussoe gesot gëtt. Wann ech héieren, dass d'Ministesch d'lescht Kéier gesot huet dee Besoin géif et net an alle Gemenge ginn an op där anerer Säit misst ee Fräizäit a Schoul vun eneen trennen, dann ass dat menger Meenung no e falscht Konzept, well et geet drëm Förderung vun de Kanner an deene Stonnen ze maachen an net iergendwelche Larifari.

Ech hunn och an deem Sënn, Här President, eng Motioun eraginn.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que les résultats de l'étude PISA (program for international student assessment) présentés le 6 décembre 2001;*

*- considérant que le Luxembourg affiche des résultats très faibles par rapport aux autres pays de l'OCDE;*

*- considérant que seuls 1,7% des élèves ont atteint le niveau de compétence le plus élevé, contre 10% en moyenne dans les autres pays;*

*- considérant que 35,1% des élèves se situent au niveau de compétence le plus bas, ce qui est le double de la moyenne des autres pays de l'OCDE;*

*- considérant que la situation socio-économique des élèves a une forte influence sur les performances des élèves et que le système scolaire luxembourgeois ne parvient pas à combler les déficits des enfants issus de milieux défavorisés;*

*- considérant que les élèves ne sont pas suffisamment en mesure d'appliquer leurs savoirs;*

*- considérant que avec un pourcentage de 1,63 d'étudiants le Luxembourg se situe en deçà de la moyenne de 2,5% des pays de l'Union européenne;*

*- considérant qu'il faut procéder à une remise en question fondamentale des savoirs que l'école doit transmettre;*

*- considérant qu'il faut définir les compétences que l'école doit développer chez les enfants et les jeunes;*

*- considérant qu'il faut développer les méthodes pédagogiques y adaptées;*

*- considérant qu'il faut doter le pays des outils d'évaluation et d'accompagnement scientifique de la pratique enseignante;*

*- considérant qu'il faut réformer la formation des enseignants conformément aux objectifs ainsi définis;*

*- considérant que ces réformes ne porteront leur fruit qu'à moyen et long terme;*

*- considérant qu'il est établi que pour réagir contre l'échec scolaire, il faut scolariser les enfants le plus tôt possible et intervenir de manière différenciée;*

*invite le Gouvernement*

*- à généraliser l'enseignement précoce dans toutes les communes du pays;*

*- à réunir au sein d'un même ministère les compétences de l'organisation scolaire et celles concernant la prise en charge des enfants en-dehors des heures de classe;*

*- à développer en collaboration avec les communes un concept d'accompagnement pédagogique des enfants en-dehors des heures de classe;*

*- à rendre obligatoire dans toutes les communes une offre d'accompagnement pédagogique qui restera facultative pour les parents;*

*- à prendre en charge cet accompagnement selon les mêmes modalités que l'enseignement proprement dit.*

*(s.) Mady Delvaux-Stehres, Jean Asselborn, Ben Fayot, Jos Scheuer, Marc Zanussi.*

Da ginn et annoncéiert Reformen. déi awer anscheinend net esou richteg lafen. Ech schwätzen do iwwert d'Schoulgesetz vun 1912.

An der Regierungserklärung steet jo, datt eng grondleegend Reform géif gemaach ginn. Dat ass allerdéngs och net einfach. Ech kann net matschwätzen, well d'Parlament ass jo aus deenen Diskussiounen an deene Konsultatiounen, déi do lafen, ausgeschloss. Ech hu just ee Punkt an deem Zesummenhang, well dee méi an der Öffentlechkeet diskutéiert gëtt, an dat ass Schoul a Partner. Déi Zesummenaarbecht vun de Partner an der Schoul soll jo och am Gesetz geregelt ginn.

Et ass jo esou - an ech mengen och do sinn d'Pädagogen an d'Wëssenschaftler d'accord, dass et sënnvoll ass -, dass d'Schoul an d'Familllje sollen zesumme schaffen, fir dem Kand eben déi beschtméiglech Chancen ze gi fir sech ze entwéckelen, vu dass d'Erzéiung eppes Ganzes ass, wou d'Elteren an d'Schoul mussen zesumme schaffen.

Ech mengen awer, dass et ganz ënnerschiddlech Virstellungen driwwer gëtt wat déi Verbindung vu Schoul a Famill soll ausmaachen. Geet et drëm d'Elteren als Hilfslehrer auszebilden, fir dass se d'Schoul an deem Sënn stëtzen? Geet et drëm Elteren ze organiséiere fir Fräizäit a fir Geld ze beschafe fir d'Schoulfester, oder wëllt een d'Elteren an d'Entscheedunge mat abezéien déi an der Schoul geholl ginn? Well et ass jo oft esou, dass eng Schoul definéiert wat eng Betreiung ass.

Der Schoul hiert Objektiv ass et Kanner ze hunn déi gutt an der Schoul fonctionnéieren, fir dass se e Maximum kënne léieren. D'Elteren hu jo oft eng aner Vue vun hire Kanner, si kucke méi déi ganz Perséinlechkeet a kënne sech mol virstellen, dass momenterweis d'Schoulresultater net esou wichteg si wéi déi perséinlech Entwécklung vum Kand.

Ech weess also net wéi eng Participatioun hei ugestrieft gëtt, mä mir schéngt et, dass et wichteg wär dass déi zwou Parteien eppes dobäi bréngen an dass net deen een deem anere virschreift wat en ze maachen huet.

Also eppes muss ech awer hei lass ginn. Also, d'Ministesch seet eis jo ëmmer, wéi wichteg déi Roll vun den Elteren an der Schoul wär, mä wann dat sech awer drop beschränkt den Elteren ze soe si sollen hir Kanner héiflech a pünktlech an d'Schoul schécken a si misste Respekt hunn, wann dat de ganze Message ass, da weess ech net wat dat soll. De Message huet sech an der Zwëschenzäit schonn esou verengt, dass et duergeet senge Kanner fënnef Wierder bäizebréngen, fir dass se an der Schoul kënnen iwwerliewen, an dat sinn: Moien, Äddi, Merci, wann ech gelift a…

Une voix.- Pardon.

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP)*.- …Pardon.

Neen, dat gëtt net geléiert. Ech hu gesinn, dass enzwouch anescht Campagnë lafe wou d'Kanner sech net sollen alles gefale loossen, mä ech wëll dat elo net duerchernee geheien. Mä et si jo nach aner Wierder, déi een eventuell misst wësse wann een an d'Schoul geet.

Mä wat dee Bréif ubelaangt, deen am September un d'Eltere vun de Kanner vum éischte Schouljoer gaang ass, do muss ech soe weess ech net wat dat soll. Well déi Elteren, déi souwisou hir Kanner pünktlech, héiflech, a respektvoll erzunn hunn, fir déi ass dat jo bal eng Beleidegung, déi wëssen dat jo souwisou, dat huet jo kee Wäert. An ech weess net ob da bei deenen aneren Elteren, déi, déi dat dann net géife maachen, ee Bréif duergeet fir hinnen dat bäizebréngen.

Ech hunn awer an deem Bréif eng Offer vun der Schoul un d'Eltere vermësst. Ech weess, dass mer hei am Juli oder am Juni e Gesetz gestëmmt hunn iwwert d'Regeneralisatioun vum Inspektorat. Et war elo kee grousst Gesetz, et war fir ze soen, d'Inspektere solle regional organiséiert ginn an da sollen all déi Servicer, déi eng Hëllef an der Schoul solle sinn, wéi de SREA, Service de Guidance, CMP an

esou weider eng gemeinsam Adress, eng Ulafstell kréien, wou d'Eltere kënnten higoe wa se Hëllef, e Rotschlo an en Interlocuteur brauchen.

Dat ass hei eestëmmeg gestëmmt ginn, jiddferee war der Meenung dat wier eng gutt Saach. Et ass och gesot ginn et muss nach virun der Vakanz gestëmmt ginn, well dat muss am Hierscht ulafen. Do hat ech mer geduecht, de Minimum wär dass an deem Bréif un d'Elteren op d'mannst eng Télefonsnummer oder eng Adress géif stoe wou se sech kënnten hiwenden, wa se an der Schoul géife Rot sichen. Awer neen, do hat ech mech op eppes Falsches gefaasst gemaach.

Da gëtt et nach ee Punkt dee mer ganz vill Suerge mécht, an dat ass wéi mer géint de Mangel u Qualifikatioun vun de Jugendleche reagéieren. Ech brauch jo net drun ze erënneren - d'Madame Reding huet dat elo kierzlech an engem Top-Thema gemaach -, dass 20% vun de Jugendlecher eis Schoul ouni Diplom an ouni Certificat verloossen.

An da wëll ech drun erënneren, dass am Mee 1999, um Sommet zu Lissabon, d'Stats- an d'Regierungschefen vun der EU décidéiert hunn, d'Zuel vun deene Jonken, déi d'Schoul ouni Diplom verloossen, bis 2009 ëm d'Halschent ze reduzéieren. Et ass also en Engagement wat d'Regierung geholl huet a wat, mengen ech, och positiv ass. Deemools huet d'europäesch Kommissioun och festgehalen dass d'"lutte contre l'échec scolaire est au coeur de la réforme de l'éducation". Dës Deklaratioune ginn ëmmer erëm an allen europäeschen Texter widderholl, an ech denken dass eis Unterrichtsministesch deem zu Bréissel net widdersprécht.

***(Interruption)***

D'Regierungserklärung vun 1999, déi dréit och nach Spure vun där do Absicht fir d'Lutte contre l'échec scolaire, do heescht et nämlech: „Le Gouvernement entend faire des efforts particuliers afin de mettre en place une véritable offre d'école de la deuxième chance, présentant un concept de prise en charge psycho pédagogique permettant un nouveau départ dans une scolarisation souvent difficile, en tenant compte des problèmes individuels qui peuvent se présenter."

Mä och hei froen ech: Wat geschitt an der Praxis? Wou ass déi Ecole de la deuxième chance? Ech liesen an der Äntwert déi d'Ministesch dem Här Loes op eng Question parlementaire de 25. Juni 2002 ginn huet, dass se punktuell Initiativen opzielt, déi a vereenzelte Schoule lafen, a verschidde Modullen, an an der Beruffsausbildung géifen och Stagen ugefouert.

Ech hat mer ëmmer ënner Pédagogie de la deuxième chance ee ganzt Konzept virgestallt. Et heescht jo psycho pédagogique, d'Prise en charge vun der ganzer Persoun.

An da schreift d'Ministesch: „La construction d'une école de la deuxième chance, regroupant dans un établissement ces jeunes en difficultés, n'est donc pas envisagée." Dat ass also an Oppositioun mat der Regierungserklärung déi seet, dat géif gemaach ginn.

An dann, wat déi Objektiver ugeet, ass se och ganz virsiichteg an der Formulatioun, well do heescht et: „Le Ministère pourra être en mesure de se rapprocher à moyen terme des objectifs du sommet de Lisbonne"; dat ass pour le moins virsiichteg. Dat ass also hei net déi energesch Aktioun fir kloer, prezis, chiffréiert Objektiver ze erreechen. Ech denken dass d'Regierung awer och misst hir Engagementer anhalen an dofir hunn ech och an deem Sënn nach eng Motioun eraginn, Här President.

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la décision des chefs d'Etat et de gouvernement des pays de l'Union européenne au sommet de Lisbonne de réduire d'ici 2009 de 50% le nombre de jeunes sans diplôme et sans qualification qui quittent l'école prématurément;*

*- considérant que la lutte contre l'échec scolaire doit être au cœur de toute réforme de l'éducation;*

*- considérant que ce combat est primordial pour construire une économie durable, une société stable et une démocratie à laquelle chacun puisse participer;*

*- considérant qu'au Luxembourg 20% des jeunes quittent l'école sans diplôme;*

*- considérant que les réformes de programme et de méthodes, qui commencent à être esquissés, ne profiteront guère aux jeunes actuellement en situation d'échec;*

*- considérant la déclaration gouvernementale qui annonce la mise en place d'une «véritable offre d'école de la deuxième chance présentant un concept de prise en charge psycho pédagogique permettant un nouveau départ dans une scolarisation souvent difficile, en tenant compte des problèmes individuels qui peuvent se présenter»;*

*invite le Gouvernement*

*- à mettre en place une offre de pédagogie de la deuxième chance;*

*- à faire rapport annuellement à la Chambre des Députés en présentant une évaluation de cette offre.*

*(s.) Mady Delvaux-Stehres, Jean Asselborn, Ben Fayot, Jos Scheuer, Marc Zanussi.*

Also dat war dann emol d'Opzielung, déi ech awer hei net ganz sënnerlech gemaach hunn. Mä ech stellen dann awer fest, dass jiddfereen no Reforme rifft, seet dass et néideg ass dass esouguer e Konsens iwwer verschidde Saache kënnt gemaach ginn. A wat kréie mer dann offréiert? E Gesetz zur Finanzéierung vun de Privatschoulen.

***(Interruption)***

Ech wëll direkt soen, dass ech hei kee Plädoyer géint d'Privatschoulen halen, ech denken net drun. Ech hunn einfach e Problem domat, dass an engem Moment, wou mer vun alle Säite bescheinigt kréien, dass eise Schoulsystem net den Usprécher vun haut a vu muer entsprécht, an enger Zäit wou ze vill jonk Leit d'Schoul ouni Diplom verloossen, wou all d'Länner ronderëm Efforte maache fir méiglechst vill Kanner vun enger Generatioun op en Niveau Bac ze bréngen, si mir zu Lëtzebuerg op 28%. Just als Zil, als Visioun: Finnland huet 70% vun de Kanner vun enger Generatioun op engem Niveau Bac a si hunn nach eng besser Qualitéit vun Unterrecht.

An enger Zäit wou mer misste probéiere fir qualifizéiert Personal zu Lëtzebuerg auszebilden, well mir jo awer dat qualifizéiert Personal an d'Ausland siche ginn, mat all deene Problemer déi dat mat sech bréngt; an enger Zäit wou mer nëmmen 1,63% vun enger Generatioun op der Uni hunn, wou d'Moyenne an Europa 2,5% ass; an zu Zäite wou Generatioune vun immigréierte Kanner hei sacrifiéiert ginn, déi nëmmen an eise Schoulen en Echec erliewen; an da schwätze mer parallell vun Integratioun an Zesummeliewen.

An engem Moment also wou d'öffentlech Schoul all eis Efforte géing brauchen, wou all Effort misst concentréiert gi fir déi ze verbesseren, do presentéiert d'Ministesch eis e Projet de loi fir d'Privatschoulen ze finanzéieren. Ech fannen dat, éierlech gesot, komplett derniewent. Deen déposéierte Projet provozéiert dann natierlech e Sträit zwësche Privatschoulen an öffentleche Schoulen, zwësche Verfechter vun deenen engen an deenen aneren, dat ass jo normal.

Dee Sträit hätte mer jo de Moment an eisem Misère am Fong net néideg. A wat mech am meeschten erféiert, dat sinn d'Argumenter déi vun de sougenannte Verteidiger vun de Privatschoule benotzt ginn, an ech zitéieren e Bréif, deen Der wahrscheinlech alleguerte krut, an ech muss soen, wann dat den Effet vun deem Projet de loi ass, da si mer awer wierklech um Holzwee.

Dat ass en Här, deen ass Professer an engem öffentleche Lycée an ass Papp vun dräi Kanner déi an d'Waldorfschoul ginn. Dat ass jo alles säi gutt Recht, an hie schreift och ganz richteg, an ech mengen och jiddfereen ënnerschreift dat: „Erziehung muss mehr denn je dem Kind dazu verhelfen seine Individualität in Freiheit, Selbstbestimmung und Verantwortung zu entfalten und dabei seine eigenen Fähigkeiten und Talente zu entwickeln". Ech mengen dat wier effektiv d'Objektiv vun der Schoul an eppes wat mer alleguer kënnten ënnerschreiwen. Mä da seet hien „dass sich Erziehungs- und Unterrichtskunst in einem Klima der staatlichen Gängelei und Gleichmacherei, trotz gutem Willen und lobenswerten Reformen, nicht entwickeln kann". Op néng Säite beschreift deen Här, dee Papp a Professer ass, dann den öffentleche Schoulsystem, deen de Besoinë vun de Kanner net gerecht gëtt, deen hirer Individualitéit keng Rechnung soll droen, déi géif mat verstëbste Bicher a Programmer schaffen, iwwer staatlech Gängelei.

Ech mengen net dass et esou an der öffentlecher Schoul ass. Mä ech stellen awer fest, dee Bréif do, dat ass ee vun deene villen Hëllefsruffen, endlech der öffentlecher Schoul déi Reformen zoukommen ze loossen déi se brauch, de Gemengen déi Ënnerstëtzung ze ginn, finanziell a konsentuell, dass se kënnen eng Prise en charge vun de Kanner niewent der Schoul organiséieren, den Unterrecht an der Schoul esou flexibel ze maachen, dass d'Kand seng Individualitéit a Fräiheet - ech zitéieren - „Selbstbestëmmung a Verantwortung" kann entfalen.

Ech hunn Angscht, dass d'öffentlech Schoul, déi déi grouss Majoritéit vun alle Kanner hei am Land ophëlt, déi se begleet an déi se forméiert, déi öffentlech Schoul, op déi mer ëmmer esou stolz waren an déi déi wichteg Aufgab huet all Kanner zu engem Maximum vu Chancen ze verhëllefen an hir Potentialitéiten ze entwéckelen, dass déi öffentlech Schoul vernoléissegt gëtt an ech hätt gären, dass déi öffentlech Schoul esou effizient gestallt gëtt, dass se net ugesi gëtt als en zweete Choix, mä als éischte Choix vun den Elteren a vun de Kanner hei zu Lëtzebuerg. An deem Sënn hunn ech nach eng Motioun hei déposéiert.

***Motion 4***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la société luxembourgeoise, avec 37,6% de résidents étrangers, a besoin d'une stratégie d'intégration;*

*- considérant que l'école publique est un élément essentiel de cette stratégie;*

*- considérant que tous les enfants de partout se côtoient et apprennent à se connaître et à se respecter à l'école publique;*

*- considérant que c'est au sein de l'école publique que les enfants acquièrent le système linguistique, donc aussi le Luxembourgeois;*

*- considérant que face aux carences de l'enseignement luxembourgeois, constatées par l'étude PISA, il importe d'investir dans l'éducation de tous les enfants;*

*invite le Gouvernement*

*- à présenter dans les meilleurs délais les projets permettant un enseignement différencié et une prise en charge de tous les enfants selon leurs besoins au sein de l'école publique;*

*- à retirer le projet de loi 5029 modifiant la loi du 31 mai 1982 concernant les relations entre l'Etat et l'enseignement postprimaire privé.*

*(s.) Mady Delvaux-Stehres, Jean Asselborn, Ben Fayot, Jos Scheuer, Marc Zanussi.*

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Madame Delvaux. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, ech iwwerreechen lech heimat eng Motioun.

***Motion 5***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que seul un système de „tronc commun" dans l'école publique (öffentliche Gesamtschule), réunissant tous les élèves jusqu'à la fin de la scolarité obligatoire, peut parer à court terme aux graves inégalités sociales qui distinguent le système scolaire luxembourgeois face à la plupart des autres systèmes scolaires;*

*- considérant que seule une telle politique volontaire remplit les conditions nécessaires pour permettre un épanouissement de toutes les ressources humaines dans notre pays et pour créer les bases d'une formation supérieure sur une échelle beaucoup plus vaste en préparation de l'Université de Luxembourg;*

*- considérant que ce tronc commun doit être accompagné de mesures massives de soutien à tous les élèves, à commencer par les classes d'âge les plus jeunes qui doivent être accompagnées par plusieurs enseignants, ceci notamment dans le but de pallier aux problèmes linguistiques spécifiques au Luxembourg;*

*invite le Gouvernement*

*à instituer un groupe de travail devant préparer toutes les bases légales à l'institution d'un tronc commun progressif dans les conditions sus-mentionnées avant la fin de l'année 2003.*

*(s.) Serge Urbany, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

M. le Président.- Den nächsten Orateur ass d'Madame Agny Durdu. Madame Durdu, Dir hutt d'Wuert.

Mme Agny Durdu *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech zu dëser Orientéierungsdebatt d'Wuert ergräifen, da brauch ech jo net méi weider ze erkläre wat d'PISA-Etüd wor. D'Virriedner hunn et méi wéi eng Kéier ënnerstrach. Ech wollt nach just drun erënneren, datt et sech bei der Evaluatioun vu Kanner gehandelt huet vu 15 Joer an datt dësen Test an deenen 32 OECD-Länner duerchgefouert ginn ass an datt par rapport zum Ausland eist Land an all Schoulgebai matgemaach huet. Am Ausland war dat net onbedéngt de Fall. Zënter dem 6. Dezember 2001 ass et och kee Geheimnis méi, datt Lëtzebuerg weess wéi et do steet an där Etüd, nämlech himmelschreiend schlecht. Datt an eisem Schoulsystem esou muenches net géif klappen hat meng Partei virun de Wahlen ugeprangert a gesot. Nozeliesen ass dëst an eisem Bildungspabeier vun deemools, e Pabeier, deen deemools wéi haut näischt u senger Richtegkeet verluer huet.

***(Interruptions diverses)***

Ee Pabeier, deen eng ganz Rëtsch vun neien a wichtege Weeër an der Educatiounspolitk opgezeechent huet. E groussen Deel vun dëse Virschléi gouf dann och vun där neier Regierung a vun där neier Educatiounsministesch iwwerholl an huet och domat bewierkt, datt mat oder ouni PISA-Resultater oder Rapport no dëse Kommissiounsaarbechten e frëschen Elan an eisem Bildungsmilieu ze spieren ass. Dofir huet sech och eis Educatiounsministesch duerch d'PISA-Resultater net aus dem Konzept bréngе gelooss, obwuel esou gutt si wéi eis Partei entsat waren iwwert d'Ausmooss vun de Resultater.

Panik maachen, Här President, ass garantéiert net de richtege Wee, fir aus eisem Schoulsystem eng beschtméiglech Bildungsinstitutioun ze maachen. Dofir kann ech eiser Regierung an der Educatiounsministesch nëmme gratuléieren, datt si et virgesinn huet op de Wee vum kontinuéierleche Schaffen ze goen, besser wéi wa se op e chaotescht Asetze vun irgendwelche Gremien zréckgegraff hätt.

Genau esou wichteg ass et awer, datt endlech jidderee sech agesteet, datt mir Reforme brauche wa mer eng Schoul vum Erfolleg wëllen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et wor fir eis als Kommissioun wichteg ze héiere wat déi eenzel Schoulpartner zu der Schoul a méi speziell zur PISA-Problematik ze soen hätten. Fir dee beschtméiglechen Iwwerbléck ze gewannen hate mer als Kommissioun décidéiert, déi nämlecht Interlocuteuren zréckzebehalen an ze ruffen, respektiv schréftlech ze invitéiere Positioun ze bezéien, wéi beim éischten Débat d'orientation iwwert d'Schoulen. Et huet eis wichteg geschéngt d'Positioune vun deemools mat deenen heitegen ze vergläichen, au cas pour cas, an eventuell festzestellen, wou gëtt et Evolutiounen, wou hunn d'Positioune sech geännert. Aus deem Grond eraus hate mer dann och d'Madame Brasseur an d'Kommissioun invitéiert, fir gewuer ze gi wéi wäit déi gestëmmte Motioun, déi beim Débat d'intégration zréckbehale gouf, ëmgesat ginn ass.

Doriwwer eraus hate mer aus Däitschland den Här Baumert vum Max-Planck-Institut invitéiert, deen eis d'Analys vun der Etüd PISA aus sengem Bléckwénkel duergeluecht huet. Et war dëst en excellenten Exposé, deen alle Kommissiounsmembere vill bruecht huet. Ech wollt och vun hei aus de Merci vun de Kommissiounsmemberen ausdrécken un all déi Privatpersounen, déi mat invitéiert wore Positioun ze bezéien. Merci fir hir Positiounen, hir Iwwerleeungen, hir Ureegungen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, andeems ech dann elo der Plénière d'Froen an d'Äntwerten erläuteren, déi mer als Kommissioun gestallt haten an analyséiert hunn, wëll ech an engems analyséiere wat dës Koalitioun gemaach huet, respektiv wou et nach ze schaffe gëtt. Ouni irgendenger Konklusioun wëlle virzegräife vun iergendengem heibannen, soen ech eng Saach awer ganz kloer an däitlech. Et ass onméiglech all déi Feeler a Mëssstänn, déi sech an deene leschte Jorzéngten an eise Bildungsystem erageschlach hunn, an enger Legislaturperiod auszeradéieren.

Ech kommen dann elo zu deenen eenzelen Froen, mat deene sech d'Kommissioun befaasst huet an déi ech a fënnef Themekreesser wollt erëmginn.

Déi éischt Fro ass déi vum Organistiouns-PISA-Test iwwerhaapt. Et besteet kee groussen Zweiwel dorunner, datt d'Organisatioun vun der PISA-Etüd net an alle Beräicher perfekt wor. All Schoulétablissement wor et fräi iwwerlooss den Test esou ze organiséiere wéi en et fir gutt befonnt huet. Leider muss

een im Nachhinein feststellen, datt zum groussen Deel, esou gutt Enseignantë wéi Schüler, d'Wichtegkeet vum Test verkannt hunn, well wéi ass et soss ze erklären, datt a verschiddene Gebaier d'Kanner emol moies fir d'éischt eng Prüfung haten an dunn de PISA-Test hannendru geschriwwen hunn? An nees anerer kruten erkläert, esou bal wann der fäerdeg sidd, kënnt der op de Buss goen.

Ech mengen, et kann ee 15-jährege Schüler net de Reproche maachen, datt ënnert dësen Ëmstänn e gewëssene Grad u Motivatioun gefeelt huet, ëmsou méi wa se och nach gesot kruten, et zielt net, et gi keng Punkten.

Op dëser Plaz wollt ech dann och nach zwou Remarke maachen, déi vu Syndikater respektiv vun aneren Auteuren opgeworf gi sinn. Dem SEW, der APESS an dem Schülersydikat no ass dësen Test vun de Besoinen, vun den Ekonomiën aus deene verschiddenen OECD-Länner därmoosse markéiert, datt fir si eng Schoul eenzeg an eleng do ass fir d'Kanner en fonction vun der Wirtschaft auszebilden. Sollt deem esou sinn, wollt ech eppes kloer stellen.

An eisem Schoulsystem war et nach ëmmer esou, datt d'Schoul ganz sécher op de Beruff virbereede soll a muss, mä d'Schüler mussen awer och genau sou vill eng zolidd Allgemeinbildung mat op de Wee kréien, an ech gleewen och kaum, datt dës Regierung vun dësem Konzept wëllt ofwäichen. An als beschte Beispill wollt ech d'Reform vun der Division supérieure am Enseignement secondaire zitéieren, wou d'Schüler e Programm zur Verfügung hunn, deen hinnen et net nëmmen erlaabt de wirtschaftlechen Ufuerderungen nozekommen, mä gläichzäiteg kréie se esou e Bagage vu Connaissance générale mat op de Wee.

Et ass wouer - dat ass déi zweet Remarque, déi mer gemaach kritt hunn -, datt déi Aart a Weis wéi d'Froen an d'Systematik vun de jeeweilege PISA-Froe gehale goufen, éischter dem angelsächsesche Schoulsystem entsprach hunn. Wann een awer engem Expär wéi dem Här Baumert Glawe schenke kann, dann ass dat keng Excuse fir déi schlecht Resultater déi mir hunn. Firwat hien dat esou gesäit, wäert ech nach méi spéit a mengem Exposé analyséieren.

éi zweet Fro, déi mer eisen Interlocuteure gestallt hunn, war déi: Huet eis sproochlech Situatioun en Afloss op d'PISA-Resultater gehat? Do woren eis Interlocuteure sech all eens a si wore sech och bewosst, datt eise Multilinguismus a Relatioun steet mat de Resultater. Wann an all deenen anere Länner d'Kanner all d'PISA-Tester, respektiv hir Schoulausbildung an hirer Mammesprooch maachen, eou trëfft dat hei zu Lëtzebuerg net zou. Vun de Kanner aus Immigratiounsfamilljen ass emol gewosst, datt déi hir Ausbildung net an der Mammesprooch maachen. Mä och fir d'Lëtzebuerger stëmmt dat emol net, well weder däitsch nach franséisch sinn eis Mammesprooch.

Considéréieren ech awer d'Aussoe vun de Schoulpartner vun haut a vun deene vu virun dräi Joer, da steet eppes fest: Kee wëllt op dëse Multilinguismus renoncéieren. Deemno sinn also déi Konklusiounen, déi mir aus dem Débat d'orientation vun 2001 gezunn hunn, nach ëmmer richteg a mir musse se dann och ëmsetzen.

Wat gëtt an dësem Beräich a puncto Sproochen da geschafft? Lëtzebuergesch gëtt allgemeng als Langue véhiculaire betruecht a par conséquent och als Langue d'intégration. Dës Approche soll laut eisen Interlocuteure bestoe bleiwen, fir datt Net-Lëtzebuerger Kanner déi beschtméiglech Chancen an eisem Schoulsystem kréien a gläichzäiteg mat der däitscher Sprooch ufänke kënne mat deenen anere Kanner. Och e Jürgen Baumert ass der Meenung, datt et extrem wichteg ass datt d'Kanner eng „Verkehrssprache", wéi hien dat genannt huet, beherrschen, eng Sprooch, déi si esou frei wéi méiglech léieren a kenne léieren. Dëser Opfuerderung komme mir hei am Land och entgéint. Net nëmmen, datt an deem Débat d'orientation virun 23 oder 24 Joer en zweet Spillschoulsjoer, oder soll ech soen en éischt Spillschoulsjoer agefouert ginn ass, mä och de Précoce huet sech als Zil gesat d'Lëtzebuerger Sprooch de Kanner méi no ze bréngen an do vun ënnen erop ze probéieren all eise Kanner déiselwecht Chancen ze ginn. Gläichzäiteg ass de Précoce awer och déi Plaz wou net nëmmen d'Auslännerkanner d'Lëtzebuerger Sprooch léieren, mä esouguer wou d'Lëtzebuerger Kanner d'Sprooch léieren. Well wann ech den Aussoe vu verschiddenem Personal aus dem Léierfach gleewen däerf, dann ass et esou datt esouguer Lëtzebuerger Kanner, ouni dofir e speziellen Handicap ze hunn, mat engem extrem lapidären a lakunäre Sproochvokabular an d'Schoul kommen.

De Précoce soll bei de Kanner d'Lëtzebuerger Sprooch, d'Motorik an d'soziaalt Verhale kräftegen an ausbauen. Dat geet emol fir den Ufank am Précoce duer.

An dësem Sënn fannen ech et dann och schued, dass mir nach vill Gemengen hei am Land hunn, déi dësem Wonsch an dëser Erkenntnis net nokommen. Et gëtt och grouss Gemengen hei am Land, déi dësem Wonsch net nokommen. Ech zitéieren do d'Stad Esch. Besonnesch si, déi jo awer garantéiert eng Populatioun huet, déi aus all mënscheméigleche kulturellen a sozio-ekonomeschen Ëmfelder zesumme gesat ass, misst dach awer dës Struktur offréieren.

An der Spillschoul, zwee Joer duerno, gëtt och nach un der Lëtzebuerger Sprooch gefeilt. Den Educatiounsministère huet zur Genüge didaktescht Material fir d'Vermëttlung vun der Lëtzebuerger Sprooch zur Verfügung gestallt.

Eng vun de Schlussfolgerunge vum Débat d'orientation iwwert d'Schoul war déi, dass mir d'Däitscht missten op eng aner Aart a Weis enseignéieren. An dësem Kontext ass an der Primärschoul eng nei Fibel agefouert ginn, déi et all Kand soll erméiglechen déi däitsch Sprooch méi einfach ze assimiléieren. Déi nämlecht Démarchë lafe momentan wat déi franséisch Sprooch betrëfft.

Am technesche Lycée, Här President, gëtt dru geschafft fir Konzepter vun der éischter an zweeter Sprooch anzeféieren. Duerch déi vill verschidde Branchen am Technique ass et net einfach dëse Projet ze managen. Op verschiddene Sektiounen, zum Beispill der Section commerce et administration, ass et besonnesch schwiereg dëst Konzept anzeféieren, well grad hei d'Beherrsche vu méi Sprooche fir de spéidere Beruff vu grousser Wichtegkeet ass. Hautdësdags kann ee sech jo kaum virstellen, dass nach een de Schoulofschloss huet ouni Notiounen an der englescher Sprooch ze hunn. Am Secondaire technique gëtt et schonn eng Partie Formatiounen a franséischer Sprooch. A wann Dir lech d'Publikatioun vum Educatiounsministère zur Rentrée scolaire 2002/2003 ukuckt, do sti vill Informatiounen dran iwwert déi eenzel Méiglechkeeten déi eis Schüler offréiert kréien, fir trotz oder duerch de Multilinguisme zu Lëtzebuerg déi beschtméiglechst Chancen ze kréie fir d'Schoul mat Erfolleg ofzeschléissen.

Den drëtten Themekreess, deen ech wollt beliichten an dee mir mat eisen Interlocuteure beliicht hunn, ass: Ass d'PISA-Etüd en adequat Spigelbild vun eisem ganze Schoulsystem? Hei kommen ech dann op déi Fro zréck, déi ech agangs just kuerz ernimmt hat, nämlech d'Problematik vun dem angelsächsesche System vun der PISA-Etüd. Wat wollt de PISA-Test am Fong? Den Här Baumert hat et a klore Sätz ausgedréckt. Et wor esou gutt, dass ech et hei wëll zitéieren: „Wie fair waren die Tests? Diese Frage taucht regelmässig auf, wenn Wissenschaftler die Resultate der PISA-Studie vorstellen. Hätte ein anderer Test, der sich eher an die kontinentaleuropäischen Schulsysteme anlehnt, nicht bessere Resultate gebracht? Professor Jürgen Baumert verneint diese Fragen.

Lesen gehört zur Basisqualifikation bei der Aneignung von Wissen. Wer nicht oder schlecht lesen kann, nimmt weniger oder überhaupt nicht am gesellschaftlichen Leben teil. Er hat keine oder weniger Chancen einen Berufswechsel zu unternehmen und kann weniger gut oder überhaupt nicht mit modernen Medien umgehen. Er hat demnach keine Möglichkeit auf sprachbasierte Weiderbildungsangebote zurückzugreifen. In der modernen Gesellschaft wird zudem die Lesekompetenz zunehmend wichtiger. Man muss immer schneller und kompetenter lesen.

Der PISA-Test hat diese Kompetenzen erfasst und war ein gutes Instrument. Ein Gegentest hat gezeigt, dass Personen mit einer erhöhten Lesekompetenz auch höhere Diplome bekommen.

Bei der Mathematik war der Test vom Prinzip her eher auf einem niederländischen Modell aufgebaut. Die neuen deutschen Bundesländer haben etwas schlechter abgeschnitten, aber auch im Großen und Ganzen hat Deutschland insgesamt im Mathematik-PISA-Test schlecht abgeschnitten. Das Gleiche gilt für den Naturwissenschaftstest. Der Test konzentriert sich auf das Prozessverständniss und das Faktenwissen."

An hei, Här President, kommen dann déi flott Diskussiounspunkten, déi och ewell hei de Mëtteg ugeschnidde gi sinn ëm Wëssen a Kompetenzen, Léiermethoden, Contenuen a Programmer. Allgemeng hunn d'Schoulpartner erkannt, dass eis Programmer iwwerluede sinn, dass eis Kanner vill ze vill Kenntnisser nëmmen einfach drummen, mä duerno näischt kënnen domat ufänken. Mä et war awer och zum Beispill ee Syndikat, wéi d'APESS, deen drop higewisen huet, dass eis Kanner net genuch géife liesen.

E puer Iwwerleeungen zu „Weniger ist mehr", „Back to basics", „Liesen, schreiwen, rechnen": Dës Sloganen huet meng Partei lancéiert virun an no de Wahlen a se bedeiten am Fong geholl ëmmer nëmmen datselwecht: manner Matière, besser assimiléieren an natierlech och gebrauchen.

Wat huet eis de PISA-Test gewisen, respektiv confirméiert? Eis Kanner kënne mol net méi richteg liesen, dat heescht si kënnen d'Wierder net entzifferen. Wéi solle si dann een Text verstoen an op een Text reagéieren an Äntwerte ginn?

Eis Ministesch huet dëst virun de Resultater vum PISA-Test erkannt. Mä wat sinn et Kritike ginn, wéi si héiflech gesot huet: An der Schoul muss ee liesen, schreiwen a rechne léieren. Et geet drëms eise Kanner an der Schoul emol dat Essentiellt bäizebréngen. Ech ka mech freeën, dass den Här Baumert seet wéi wichteg liesen ass, well ech huele jo un, engem Expär gëtt méi gegleeft wéi engem Politiker.

Ech begréissen dann an dësem Beräich d'Initiativë vum Ministère, déi bei der Schoulrentrée virgestallt goufen. Mat Recht ass erkannt ginn, dass d'Kanner natierlech net nëmmen an der Schoul musse liesen, mä och ausserhalb, an dass si dofir awer och Hëllefstellung brauchen an dat no dem Motto: Wat liesen da Kanner, wat kënne se liesen, wou fannen ech Geschichten a wat si Geschichten déi Kanner interesséieren? Ech verweisen hei op den Dossier de presse vun der Rentrée scolaire 2002/2003. Am Préscolaire kruten d'Elteren eng Lëscht vun adaptéierter Kannerlecture fir den Alter vu véier bis sechs Joer. An dann erënneren ech och hei un d'Budgetsdebatten, wou ech op deen décke Posten higewisen hunn, dee mer ënnert dem Educatiounsministère erëmfannen, nämlech de Poste vun de Schoulbibliothéiken am Intérêt vum Postprimaire.

An dem Primärberäich sinn natierlech d'Gemengen éischter gefuerdert fir hei eng Hand unzepaken. Ech kann lech soen, a menger Schoul leeft esou e Projet, wou mer d'Infrastruktur zu Verfügung gestallt hunn, wou eist Léierpersonal déi Bicher, déi et an de Klasse verdeelt huet, zu engem ganz groussen Deel zesumme gesat huet, a wouduerch et de Kanner soll erméiglecht ginn dës Bicher ze fannen, se ze gebrauche während der Schoulzäit an duerno, mat der Hoffnung dass se och nach duerno den Interessen un de Bicher hunn a geléiert hunn, wéi se sech uleeë solle fir wat a wou ze liesen.

Zweet Iwwerleeung: Mat de Schoulpartner hate mir d'Diskussioun iwwert d'Sciences-Fächer. D'Fro war déi: Fänke mir domadder ze frei oder ze spéit un? Et ass heibanne well gesot ginn, dass mir wéinst de Sproochen eng aner Gewiichtung an eisem Schoulprogramm hunn. Et gëtt nun emol méi spéit mat de Sciences-Fächer ugefaangen. Bei de Sciences-Fächer hu mir awer beim Gesetz iwwert d'Réforme de la division supérieure eng Partie Ëmännerunge gemaach, notamment déi, d'Spezialisatiounen éischter unzefänken, well dat de Sciences-Fächer zegutt kéim, déi jo e grousse Pensum u Matière ze verschaffen hunn.

Am Primaire sinn nei Approchen - dat ass dann déi drëtt Iwwerleeung - vum Rechnen ausgeschafft ginn. No éischten Echoe vun Elteren an Enseignantë schéngt dës Approche hire Wee ze maachen.

Véierte Punkt. Mir kommen natierlech net derlaanscht iwwer Programmer ze schwätzen an iwwert d'Noutwendegkeet se ëmzeänneren. Deen, dee sech un eise Slogane stéiert, ka jo dee franséische Slogan zréckbehalen dee seet: Jeter du lest. Dëst ass eng Meenung, déi vun der Majoritéit vun den Enseignanten absolut gedeelt gëtt. Mä Problemer kommen dann, wann et heescht: Wat fir ee Lest werfe mir dann of? Wat ass Lest? Wat ass keen?

Hei ass et um Ministère fir eng Ligne de conduite ze fixéieren, an et ass un de Programmkommissiounen, déi menger Meenung no d'Wichtegkeet vun hirer Missioun verkannt hunn, fir intensiv a séier - an ech pochen hei op d'Wuert séier - Ännerungen ze maache wa se néideg sinn. Si musse Mesuren huelen déi hinnen et erlabe méi effikass intern ze schaffen, wann dat de Problem sollt sinn. Zum Beispill musse se da Groupes de travail zesumme setzen. Si brauchen och e Centre de documentation, deen awer leider net esou séier avancéiert wéi mir eis dat virgestallt hunn.

Bei der Fro, wat mussen eis Kanner léieren, ass ëmmer erëm déi Thematik vu Wëssen a Kompetenz opgegraff ginn. Et ass falsch dës Konzepter géinteneen auszespillen. Dat eent geet nun emol net ouni dat anert. De PISA-Test beweist och, an dat geet dann iwwert d'Wëssen an d'Kompetenz eraus, dass eise Kanner nach eppes feelt, nämlech de Knoblergeescht.

***(Interruption)***

Sech auserneesetze mat de Problemer.

Och den Här Baumert ënnersträicht, dass ee Wëssen a Kompetenz brauch. Et gëllt mat adequate Léiermethoden de Kanner eng aner Approche zum Wëssen ze vermëttelen, awer ouni Effort geet dat nun emol net. An et ass, och esou lästeg wéi et kléngt, nun emol néideg, dass wann een eng nei Sprooch léiert, Vokabele léiert, well wann een ufänkt d'Wierder ze begräifen an ze verstoen, kritt ee Spaass un enger Sprooch an et gebraucht ee se. Et ass nun emol kee Meeschter vum Himmel gefall, an och dee beschte Meeschter huet emol eng Kéier kleng ugefaangen. Ier een e grousse Chercheur gëtt, muss een nun awer emol leider och emol d'ABC an d'Einmaleins intus hunn.

Et gëtt, no dem Här Baumert sengen Ausleeungen, och keen idealen Enseignement-type. Et ass um Enseignement, senger Meenung no, déi richteg Mëschung aus Exposé a Bedeelegungsgeescht bei de Kanner a bei de Jugendlechen ze förderen. De Goût fir den Effort ass net onbedingt ugebuer, mä et kann een, wann een d'Leeschtung belount, an dat net nëmmen duerch Punkten, den Effort bei de Kanner ënnerstëtzen, a si gesinn dass et hinne ka Spaass maache fir ze léieren.

Och dëst huet d'Educatiounsministesch emol eng Kéier an engem Interview gesot: „Methode mam groussen M, dat gëtt et net". Mä oh weh, wéi ass se kritiséiert ginn. Mä hei seet awer grad en Expär dat, wat d'Ministesch ewell gesot hat.

Et ass wichteg, datt den Unterrecht d'Kand an de Mëttelpunkt stellt an all Kand geméiss senge Méiglechkeeten ënnerstëtzt. De PISA-Test beweist leider och nach eppes, wou ech wierklech guer net frou driwwer sinn, dat ass, datt emol net eis gutt Schüler erausstiechen. Redoublementer sinn och net onbedéngt déi beschte Method an et muss een den Echec - dat ass eng Ausso vun engem Expär - vum klengsten Alter u vermeiden. Duerfir sinn dann och Projete wéi déi vum Teamteaching an déi zwee éischt Schouljoren an dräi ze maache grad esou Konzepter, déi et erméigleche missten eis der Problematik bewosst ze ginn an d'Problemer vum klengsten Alter un ze behiewen an d'Redoublementer ze vermeide fir do derno. D'Madame Minister hat d'Gemengen invitéiert ab dësem Schouljoer de Cycle d'apprentissage anzeféieren. Vläicht ka si eis emol soe wéi vill Gemengen dann iwwerhaapt dësem Appel nokomme sinn.

Véierte Punkt: D'Betreiung vun eise Kanner. Eng Fro, déi mir eisen Interlocuteure gestallt hate war déi, ob d'Relatioun Schoul/Elteren eng Inzidenz op d'PISA-Resultater hätt. Wéi soll d'Rolleverdeelung tëschent Schoul, Elteren a Kanner sinn? D'Meenunge waren net ëmmer unanime, mä eppes konnt een aus enger éischter Analys vun der PISA-Etüd erkennen, dat ass wouer an all Land, mä besonnesch hei am Land, datt anscheinend d'Kanner aus sozial-ekonomesch schwaache Verhältnisser och nach déi Schwächst an de Schoulresultater sinn.

Firwat ass dat esou? Heiriwwer leeft momentan nach ëmmer eng Etüd. Déi hu mir also net zur Verfügung. Mä ouni wëllen dëser Auswäertung virzegräifen an ouni ze wëssen, wat dorauser als Konklusioun erausgezu gëtt, mengen ech, kënne mir folgend Iwwerleeungen awer maachen: Éischtens kënnt all Kand an d'Schoul mat enger bestëmmter ugebuerener Intelligenz. Zweetens jee nodeem aus wat fir engem Milieu et kënnt ass seng Astellung deementspriechend gepräegt an et bréngt ewell e bestëmmt Grondwësse mat, wat vläicht aner Kanner, deementspriechend vu wou datt se kommen, net hunn.

Équitabilitéit, Fairness a Chancegläichheet si wichteg Prinzipien, déi sech eis Regierung am Beräich Schoulpolitik gesat hat, Prinzipien un deene si festhält a fir déi si sech

ëmmer erëm nei asetzt. Ob sozial schwaach oder sozial staark, ob talentéiert oder net, all Schüler soll déi Ausbildung kréien, déi am beschte fir hien ass, fir datt hie sech an eiser Gesellschaft um sozialen a beruffleche Plang kann erëmfannen.

Déi éischt Bezugspersounen, wa mir un déi Dialogfreedegkeet oder un déi Rolleverdeelung tëschent Schoul, Elteren a Kanner denken, sinn a bleiwen d'Elteren. D'Missioun vun der Schoul ass et net d'Elteren ze ersetzen. Sécher gëtt an der Schoul nieft Rechnen, Schreiwen a Liesen de Kanner Sozialverhale vermëttelt. Mer fänken dat jo ewell am Précoce un. Mä den Dialog Enseignanten/Elteren/Kanner ass einfach primordial an duerfir musse mir dat, esou schlëmm wéi dat engersäits och ass, ebe legal instituéieren.

An dësem Kontext wéilt ech dann op zwee Diskussiounspunkten agoen, nämlech dee vun den Hausaufgaben an dee vun de Betreiungsstrukturen. Hausaufgabe sollen net gemengt sinn, fir datt d'Elteren doheem d'Plaz vum Enseignant iwwerhuelen a stonnelaang mat de Kanner bei de Bicher sëtzen. Schoulaufgaben oder Hausaufgabe sollen esou sinn, datt d'Kand léiert op eng selbstständeg Aart a Weis selwer ze evaluéieren an ze erkennen, ob et dat begraff huet, wat et an der Schoul gesinn huet, eventuell unhand vun neien Exercicen, ob et dat Wëssen dann och kann ëmsetzen an eventuell sech och bewosst ginn, wou et nach Problemer huet. Déi Erkenntnisser, déi d'Kanner hunn, sinn natierlech grad esou wichteg fir den Enseignant, dee sech jo da ka positionéieren a senger Klass a gesäit où le bas blesse.

Et geet net drëm, ob d'Eltere wëllen oder net wëllen, ob si kënnen oder net kënne mat de Kanner Hausaufgabe maachen, et geet dodrëm, datt si iwwerhaapt emol drop oppassen, datt d'Kanner hir Hausaufgabe maachen. Wann et Problemer ginn, da muss Récksprooch tëschent den Elteren an den Enseignantë gehale ginn. Déi allermeescht Gemengen offréieren an deem Kontext Hausaufgabenhëllef an de Ministère de l'Education nationale iwwerhëlt och en Deel vun de verursaachte Käschten, wann d'Léierpersonal hei aspréngt.

Wann ech elo u Betreiungsstrukture bei de Primärschoulen denken, dann ass deen Débat am Fong geholl hei an der Chamber ewell gefouert, ech wollt en awer just nach eng Kéier an Erënnerung ruffen. D'Schoul als Institutioun gehéiert zum Ministère de l'Education nationale. De Fonctionnement vun de Betreiungsstrukturen iwwerhëlt de Familljeministère an de Bau vun de Strukturen ass Gemengesaach. All Gemeng muss selwer décidéieren, ob si Betreiungsstrukture wëllt, ob dat dem Besoin vun der Populatioun op hirem Terrain entsprécht. A wéi ech dësen Text geschriwwen hunn, hunn ech just gehofft, datt de Wëlle vun deene Gemengen, déi dës Betreiungsstrukture baue wëllen, net wéinst der finanzieller Situatioun onméiglech gemaach gëtt.

Wann ech dann awer den Här Wolter gëschter a senger Deklaratioun héieren hunn, wou d'Regierung entscheet huet, datt Gemengenzentralschoule 75% Ënnerstëtzung kréien, an ech hoffen, datt dat jo dann net nëmme fir d'Schoulgebaier, mä och fir d'Betreiungsstrukturen ass, da mengen ech misst et all Gemeng hei am Land méiglech si fir dëse Besoinen nozekommen, wann d'Populatioun de Wonsch do derno ausdréckt.

Am postprimäre Secteur gesäit et e bëssen aneschters aus. Et ginn ewell eng Partie Kantinen, well do geet jo ganz dacks ewell de Problem fir d'Kanner un, déi vum Ministère de l'Education nationale offréiert a gefouert ginn, mä et feelt eis eppes: Et feelen eis öffentlech Internater! Ausser déi Internater, déi mir zu Iechternach fannen an zu Dikrech, an dann zu Ëlwen eben an der Primärschoul, hu mir ganz vill Lacunen opzeweisen, wa mir eisen Tissu vum Land kucken. Duerfir freeën ech mech, datt nieft dem Bau vum Réidener Lycée och en öffentlecht Internat virgesinn ass, mä vill méi géif ech mech nach freeën, wann och nach op anere Plaze vun Internater geschwat géif ginn.

Dat fënneft Kapitel ass dat vun der Evaluatioun. Wann een eppes wëllt verbesseren, da muss een emol fir d'éischt wëssen, wou wëlle mir hin a vu wou gi mir aus. A souguer wann ee sech da verbessert huet, muss een nawell sech ëmmer erëm a Fro stellen a sech ëmmer erëm evaluéieren. Wa während der Integratiounsdebatt vill iwwert d'Evaluatioun vum Kand geschwat gouf an zréckbehale gouf et missten net nëmmen d'Punkten op den Zensure stoen, da musse mir elo iwwert d'Evaluatioun vun der Schoul schwätzen. Bei der Orientéierungsdebatt iwwert d'Schoul hate mir festgehalen, datt also net nëmme Punkte sollten op der Zensur sinn, mä och nach aner Evaluatiounskritären. Dëser Opfuerderung ass de Ministère de l'Education nationale zënter dëser Schoulrentrée nokomm.

Ech erënneren dann un en anert Phenomeen aus eisem Ministère. Wéi mir den Débat d'intégration virbereet hunn, hate mir mat eisen Interlocuteure vill interessant Sitzungen an eng vun deenen Aussoen, déi ëmmer erëmkomm ass, oder eng vun deene Konklusiounen, déi mir konnten zéien, war déi: Et gouf immens vill Pilotprojeten an esou munch engem Schoulgebai lancéiert mat vill guddem Wëllen an dann op eemol waren déi Pilotprojeten entweder verschwonnen oder sinn am allerhéchste Fall nach an iergendengem Schoulgebai bliwwen. Dobäi ginn et awer Pilotprojeten, déi derwäert sinn datt ee se iwwer ee Schoulgebai erausféiert, déi absolut deenen anere Schoulgebaier och kéinte Léisunge brëngen.

Ech mengen et ass och schlecht fir d'Enseignanten, déi vill gudden Asaz brénge bei Pilotprojeten, wann et einfach iergendwann heescht: „Neen, et gëtt net méi gemaach" an et gouf ni gesot firwat. Eng Evaluatioun vu Pilotprojeten huet an deene leschte Joren ëmmer gefeelt. Ech mengen awer ganz - an do deelen ech net d'Approche vun der Madame Delvaux - an ech sinn der Iwwerzeegung, datt dës Regierung dat erkannt huet an dat och geännert huet. Ech wéilt do ee Beispill eraushuelen an dat ass nämlech dat vum Teamteaching.

Et gëtt eng Partie Gemengen, och meng Gemeng, duerfir weess ech et ebe vill besser, déi maache beim Teamteaching mat. Mä et war bei eis net nëmmen esou, datt mir als Gemengerot zu den Enseignantë gesot hunn: „Mir géife gäre wëssen nom éischten Trimester, wat dann ewell Är éischt Erfahrunge sinn, wou Dir Problemer hutt a wou mir als Gemeng Iech nach hëllefe kënnen", mä och den Educatiounsministère fuerdert si.

Si haten dëst Joer ewell eng Entrevue zu Walfer am Januar an dëser Deeg krute mir dann erëm e Bréif an deene concernéierte Gemengen an et ass en zweeten Dag festgesat ginn, wou all déi Teamteachings-Schoulmeeschteren a -Léierinnen zesummegeruff ginn a wou gekuckt gëtt, wat dann elo dat Positiivt ass, wou et nach happert, wat se nach besser maache kënnen a wat se ännere sollen. Ech mengen dat ass eng ganz gutt Approche an och wann et elo vläicht penibel erschéngt, datt net direkt no deem éischten Dag Léisunge fonnt gi sinn, da fannen ech dat awer nach ëmmer besser, wéi datt op eemol jiddereen a sengem Eck schafft, vläicht och nach gudde Wëllen huet, mä datt herno kee ganzt Konzept kann erauskommen.

Gutt ausgebilten Enseignantë si primordial fir eng gutt Schoul, mä et mussen der dann awer och genuch do sinn. An dat ass grad ee Problem, dee mir hei am Land hunn. Beim leschte Punkt wësse mir jo ewell längst wéi et am Primärberäich ausgesäit. Am Postprimaire hänkt et da gewéinlech vun de Fächer of. Heiansdo hu mir der ze vill an heiansdo net genuch. Hei schafft d'Regierung konstant drun, mä si kann awer net méi Enseignanten zur Verfügung stelle wéi si der fäerdeg vun der Schoul kritt.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

De Stage pédagogique ass während eisen Debatten ernimmt ginn an aus dem Ministère de l'Education supérieure krute mir Informatiounen, datt nach bei der Formatioun vun Enseignantë Lacunë sinn.

1. Et wär schwiereg en Equiliber tëschent Praxis an Theorie ze fannen, a besonnesch wann op eemol déi jonk Enseignantë mat de Problemer an der Klass konfrontéiert ginn.

2. D'Stagiairë géife sech schwéier doe selwer Problemer ze léisen a wäre vill méi frou wa si Patentrezepter kriten.

3. Eng Ausso, déi ech Iech wollt texto virliesen an déi seet: „Les enseignants stagiaires et les futurs instructeurs en formation à l'ISERP pris dans leur ensemble ne reflètent pas l'hétérogénéité sociale du Grand-Duché, de sorte que les modules traitant par exemple l'intégration des élèves étrangers sont moins acceptés que les autres."

Pardon, wann déi heiten Ausso soll wouer sinn, dann heescht et awer do gehéirescht intervenéieren, well ob eist Léierpersonal aus allen hétérogènë Schichten aus eisem Land kënnt oder net, eppes ass ganz sécher, eis Schoul ass de Moyen par excellence fir hei am Land d'Integratioun ze erreechen, also muss och all Enseignant sech wann ech gelift der Integratiounsproblematik unhuelen.

D'Formation continue ass en Thema mat deem mer eis hei am Land souwisou am Allgemengen auserneе setzen, mat deem mer zwar nach an alle Berufssparte gréisser Problemer hunn, well mer dat am Allgemengen nach guer net gewinnt sinn. An och am Enseignement ass d'Formation continue wichteg, wichteg fir den Enseignant, dee jo da selwer gesäit wéi seng eege Matière évoluéiert. A wann ech dann emol e bëssche wëll spaassen, soen ech, da weess hien emol erëm wat e gudden, a wat e schlechte Pädagog ass, wann hien emol selwer erëm als Schüler do sëtzt.

„Gewusst wie" wäert awer hei déi grouss Erausfuerderung un d'Politik an un déi Verantwortlech sinn. An hei mengen ech eppes ganz kloer, an zwar de Verantwortungssënn vun Enseignanten a vun Enseignantsgewerkschaften ass hei gefrot. Et geet net duer, dass de Ministère ganz vill Formations continues ubitt, mä nach musse kruzial Froe beäntwert ginn.

Kënne mer dës Formations continues nach während der Schoulzäit organiséiere wa mer wëssen, dass mer mol net genuch Enseignanten hunn? Wéi encouragéiere mer déi, déi eng Weiderbildung wëlle maachen? Oder ass et vläicht méi einfach fir ze soen, Weiderbildung ass obligatoresch. Dat si Froen op déi mer eng Äntwert musse fannen a ginn. Eis Interlocuteure woren all der Meenung, datt mer keen auslännesche Bildungssystem kënne kopéieren; mol net dee vu Finnland.

Besonnesch de Collège des Inspecteurs huet op eng Aart a Weis higewisen, wou si der Meenung waren, datt si kéinten agéieren, fir eise Schoulsystem up to date - wann ech dat emol esou wëll ausdrécken - ze halen, an zwar froe si d'Autonomie scolaire. Et geet heibäi net dorëms, datt ee Schoulgebai an d'Dépendance vun engem private Sponsor kënnt - fir dat emol salopp auszedrécken -, mä et ass hinne wichteg fir eng bestëmmte pädagogesch an organisatoresch Independenz ze kréien. Iwwregens sinn déi Länner mat deene beschte Resultater an der PISA-Etüd déi, wou d'Schoulgebaier déi sougenannten an déi besoten Autonomie hunn.

Dës Regierung muss eng Äntwert op d'Fro no der Autonomie ginn. Mä Autonomie bedeit net den absolute Pouvoir vum Schouldirekter, deen iwwregens och net vum Collège des Directeurs gewënscht ass, mä et bedeit op där anerer Säit awer ganz bestëmmt eng grouss Verantwortung fir all eenzelt Schoulgebai, an do mengen ech garantéiert jo net d'Mauere vum Schoulgebai, mä éischter déi ganz Schoulkommunautéit.

Ech menge mir kënnen eis et net leeschten, dass mer an eng total Konkurrenz kommen tëschent eise Schoulgebaier. Mä nach huet d'Regierung Initiativen ergraff, déi menger Meenung no wichteg a gutt sinn. Ech wéilt un déi gemeinsam Tester a Prüfungen erënneren, déi Land op, Land of, a bestëmmte Klassen an a bestëmmte Fächer gemaach ginn. Mir sollen elo dorauser déi néideg Konsequenzen zéien. Wann déi Äntwerten op déi eenzel Prüfungen dann elo do sinn, ass et menger Meenung no och um Ministère fir ze kucken, wat soen déi Tester dann elo aus, wou ginn et Lacunen. A wann et graves Lacunë sinn, da ginn et keng 20 Léisungen, da muss um Programm geschafft ginn, a sollten do punktuell Problemer optauchen, eventuell an deem engen oder anere Schoulgebai, dann ass et menger Meenung no néideg dass de Ministère och Hëllefstellunge gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Konklusiounen, déi mer als DP zéien, wollt ech der fënnef ernimmen:

1. D'DP huet d'Problematik vun eiser Schoul richteg erkannt an als Regierungspartner der Schoul déi richteg Gewiichtung ginn.

2. Déi gemaachte Reform an déi kommend Reforme si gemaach net wéinst de PISA-Resultater an net wéinst der leschter PISA-Etüd an net wéinst der nächster PISA-Etüd, mä wéinst der erkannter Noutwendegkeet eise Bildungssystem ze änneren.

3. All Reform muss an dee fonctionnéierende Schoulbetrib afléissen an déi néideg Ännerunge mussen dann och vu banne kommen.

4. All Schoulpartner ass gefuerdert, esouwuel d'Schüler wéi d'Enseignantë wéi d'Politik.

5. D'Missioun vun der Schoul muss prezis definéiert ginn.

D'Fro ass natierlech déi, a si gouf och vun engem vun eisen Interlocuteuren opgeworf: Wëlle mer Reformen? Eis Äntwert ass: Jo. Mä, ech ginn awer dat ongutt Gefill net lass, dass d'Thema Schoul politiséiert gëtt, net zu lescht en vue vun deenen nächste Wahlen, a gewësse Positioune vum Nomëtteg, well an der Kommissioun hat ech ewell dat Gefill.

***(Interruptions)***

Ech si mer bewosst ginn, dass dat d'Erausfuerderung ass, mat där d'Parteien elo kommen. An ech wéilt och hei en entspriechend Beispill zitéieren.

An der Chamberkommissioun - mat oder ouni Rapport, well d'Chamberreglement seet nämlech net dass een als Chamberkommissioun obligatoresch muss e Rapport maachen - hu mer probéiert eng gemeinsam Motioun auszeschaffen. A vu dass mer keng Positiounen - ausser, muss ech gutt halen, vun deene Gréngen - kruten - wat mer esouguer vun eenzele Parteie kruten, dat soe mer Iech do uewen an der Plénière -, do hu mer probéiert als Regierungsparteien trotz allem en Text an eng Motioun auszeschaffen, déi e Koalitiounstext konnt sinn, déi dat duerstelle konnt fir e Konsens zwëschen alle Parteien hei am Haus ze maachen. Deem wor awer net esou. Dës Regierung muss also virun décidéieren, dass si hire Wee muss maachen, a sech bewosst sinn, datt se sech net kann op d'Matschaffe vun der Oppositioun verloossen.

***(Interruptions)***

Dat ass och schued. Besonnesch wann ech ze bedenke ginn, datt déi gréissten Oppositiounsparteien an hirem 21-Punkte-Steeseler-Pabeier bal texto dat seet, wat mir soen. Schued! Ech kann d'Regierung also nëmmen invitéieren op deem Wee, dee se ageschloen huet, virun ze goen a kontinuiéierlech virun ze schaffen, bis zu der Veille vun den nächste Wahlen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren an ech deponéieren elo, Här President, déi Motioun, déi mer an der Kommissioun ausgeschafft haten.

***Motion 6***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les résultats de l'étude de PISA (program for international student assessment) présentés à la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports en date du 6 décembre 2001;*

*- considérant les huit questions élaborées par la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports;*

*- considérant les hearings publics du 8 et 9 avril 2002 avec les intervenants suivants:*

*• Collège des Directeurs de l'enseignement secondaire classique*

*• Collège des Directeurs de l'enseignement secondaire technique*

*• Collège des Inspecteurs de l'enseignement primaire*

*• Ministère de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture*

*• Ministère de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*

*• Syndicats SEW/OGB-L, APESS et FEDUSE/CGFP*

*• Fédération des Associations de Parents d'Elèves du Luxembourg (FAPEL)*

*• Conférence nationale des étrangers (CNE)*

*• Association de soutien aux travailleurs immigrés (ASTI)*

*• Comité de liaison et d'action des étrangers (CLAE);*

*- considérant l'entrevue de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports avec M. Jürgen Baumert, directeur et collaborateur scientifique dans les domaines «pédagogie et systèmes éducatifs» auprès de l'Institut «Max-Planck für Bildungsforschung»;*

*- considérant que l'étude PISA fait essentiellement ressortir trois contre-performances importantes de l'école luxembourgeoise, notamment:*

** les élèves ne sont pas suffisamment en mesure d'appliquer leurs savoirs;*

** à travers les résultats scolaires, une iniquité sociale persiste dans l'enseignement luxembourgeois;*

** trop nombreux sont les élèves qui n'atteignent pas un seuil minimal de compétences, source d'échecs élevés;*

*- considérant que l'étude PISA a été suivie d'une très grande mobilisation témoignant l'engagement et la volonté de toutes les forces vives d'œuvrer en faveur d'une amélioration du système scolaire dans l'intérêt des élèves;*

*- retenant que les considérations et les propositions formulées par les différents interlocuteurs de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports lors des hearings publics s'accordent avec les considérations et propositions retenues sous forme d'une motion déposée dans le cadre du débat d'orientation sur une école d'intégration en 2000;*

*invite le Gouvernement*

*- à continuer à réformer les programmes d'enseignement dans un triple but:*

*• identifier clairement les connaissances de base et savoirs fondamentaux qui doivent obligatoirement être acquis*

*• promouvoir les capacités d'application des savoirs et l'autonomie d'apprentissage*

*• réserver une partie du temps disponible à la différenciation et à la prise en charge des élèves en fonction de leurs besoins, soit pour stimuler les élèves qui ont des facilités, soit pour aider les élèves qui ont des difficultés*

*• à continuer l'exécution de la motion adoptée par la majorité parlementaire dans le cadre du débat d'orientation sur une école de l'intégration en 2000;*

*concernant les connaissances de base*

*- à redéfinir les programmes de manière à être axés sur les connaissances de base;*

*- à continuer à renforcer les apprentissages de la lecture, de l'écriture et du calcul durant les années de l'enseignement primaire;*

*- à continuer à promouvoir la concordance et la continuité des programmes d'enseignement de l'enseignement primaire et de l'enseignement postprimaire;*

*concernant l'application des savoirs*

*- à réserver dans les programmes une partie du temps disponible pour l'application des connaissances acquises;*

*- à revoir les programmes des branches de sciences de manière que les élèves apprennent l'application dans la vie quotidienne des principes scientifiques de base;*

*concernant l'enseignement des langues*

*- à continuer la réforme de l'enseignement des langues de manière à enseigner à l'enseignement primaire et à l'enseignement secondaire technique la langue allemande et la langue française comme langue étrangère et à adapter l'enseignement des langues à l'enseignement secondaire technique aux finalités de préparation à la vie professionnelle correspondant à cet ordre d'enseignement;*

*- à continuer à veiller au respect de l'emploi de la langue véhiculaire dans la pratique quotidienne d'enseignement, notamment dans les branches non linguistiques;*

*- à promouvoir le goût de la lecture auprès des élèves de tous les âges par des campagnes en faveur de la lecture et du livre en veillant à proposer aux élèves des œuvres adaptées à leurs connaissances et leur maturité;*

*- à promouvoir les chances de réussite de tous les élèves, en fonction de leurs besoins*

*- à promouvoir l'apprentissage autonome de tous les élèves en leur apprenant aussi bien à l'enseignement primaire qu'à l'enseignement secondaire à apprendre et en veillant à ce que des devoirs à domicile puissent être réalisés sans l'aide d'un adulte;*

*- à promouvoir une politique d'intervention rapide et systématique en cas de difficultés scolaires consistant à proposer un appui et des exercices supplémentaires à l'élève et à informer ses parents des problèmes et des mesures préconisées;*

*- à continuer les mesures de différenciation telles que le team teaching ou l'introduction de cycles d'apprentissage qui permettent de prendre en compte le rythme d'apprentissage et les besoins de l'élève sous réserve de prendre des mesures d'organisation flexibles dans la mesure du possible et en essayant de limiter le nombre d'intervenants;*

*- à promouvoir une politique d'information et de conseil des parents des élèves en informant les parents sur les progrès ou difficultés des élèves, en analysant avec eux les raisons éventuelles des difficultés d'apprentissage et en les conseillant sur les possibilités de remédiation et d'appui;*

*- à continuer ou promouvoir les adaptations structurelles permettant aux écoles et à tous les intervenants de mieux répondre aux besoins d'une école de qualité*

*- à promouvoir l'autonomie pédagogique des établissements scolaires afin de leur permettre de mieux répondre aux besoins de leurs élèves et de donner davantage de responsabilités au personnel enseignant et aux directions pour résoudre des problèmes particuliers sans pour autant mettre en question le statut de l'école publique;*

*- à veiller à ce que les actions autonomes des établissements constituent l'expression de l'ensemble de la communauté scolaire de l'établissement;*

*- à accélérer la mise en place du Centre national de documentation pédagogique afin de mettre à la disposition des commissions nationales de l'enseignement secondaire et secondaire technique et des enseignants intéressés le matériel didactique nécessaire;*

*- à continuer à se concerter sur le plan local avec les communautés scolaires et les autorités communales afin de mettre en place des structures d'accueil qui tiennent compte des besoins des familles dans le respect de l'autonomie des écoles, respectivement des communes concernées;*

*- à trouver les modalités de mise en place de la formation continue adéquate des enseignants;*

*- à mettre en place une évaluation tant du personnel enseignant que des directions en passant par la coopération et le dialogue;*

*- à faire en sorte que notre pays continue à participer à des études d'évaluation ciblées de notre système scolaire afin de pouvoir le situer dans un contexte d'évaluation internationale de compétitivité et de pouvoir l'adapter aux exigences internationales requises.*

*(s.) Agny Durdu, Niki Bettendorf, Maggy Nagel, Fred Sunnen, Claude Wiseler.*

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombera agedroen. Den Här Colombera huet d'Wuert.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här President, ech ginn emol fir d'éischt hei eng ganz Rei vu Motiounen of, déi mer herno wäerten diskutéieren. Ech soen lech merci.

***Motion 7***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que l'école luxembourgeoise ne prépare plus les jeunes à relever les défis que leur réserve l'avenir et que l'étude PISA a constaté que les élèves sont incapables d'analyser, de communiquer leurs idées d'une manière efficace et qu'ils n'ont pas les capacités nécessaires pour poursuivre leur apprentissage tout au long de leur vie;*

*- considérant que l'école doit être adaptée aux jeunes et pas l'inverse;*

*- considérant qu'il faut réorganiser l'école en entreprise de services éducatifs avec des objectifs et des résultats à atteindre;*

*- considérant que l'école doit réussir l'intégration des enfants immigrés;*

*- considérant qu'il faut responsabiliser les parents et les mettre à même de participer au développement scolaire de leur enfant;*

*- considérant qu'il faut créer des infrastructures scolaires supplémentaires;*

*invite le Gouvernement*

*- à adapter le système éducatif aux jeunes et individualiser les parcours scolaires par la création de deux cycles d'études de chaque fois 4 ans en lieux et place des classes préscolaires et primaires actuelles;*

*- à organiser l'école comme une entreprise de services éducatifs avec des objectifs et des résultats à réaliser et partant arrêter des objectifs de formation définissant les connaissances minimales à atteindre par chaque élève à la fin de sa scolarité obligatoire;*

*- à permettre l'individualisation des pédagogies et des rythmes scolaires par les enseignants en fonction des besoins locaux;*

*- à mesurer annuellement les résultats des élèves au niveau national en fonction des objectifs éducatifs fixés;*

*- à donner aux commissions scolaires et aux conseils d'éducation des pouvoirs de gestion effectifs;*

*- à nommer des responsables d'école primaire et à augmenter les pouvoirs des directeurs d'établissements secondaires;*

*- à enseigner les langues comme langues étrangères et à favoriser l'expression orale;*

*- à créer de nouveaux moyens modulaires pour l'éducation des enfants ayant des besoins spécifiques et organiser l'encadrement pédagogique notamment par des journées continues facultatives;*

*- à augmenter les équipes de médecine scolaire pour dépister systématiquement les handicaps scolaires tels que la dyslexie;*

*- à intégrer une pédagogie alternative dans l'école publique soit en améliorant le soutien financier alloué aux écoles alternatives telles que l'école Waldorf soit en les intégrant dans l'école publique;*

*- à améliorer le passage du primaire au secondaire par une coopération entre enseignants et établissements du primaire et du secondaire;*

*- à responsabiliser les parents et les mettre à même d'assumer ces responsabilités en les associant systématiquement à l'évolution scolaire des enfants;*

*- à créer des infrastructures scolaires supplémentaires.*

*(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

***Motion 8***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant qu'indépendamment du lieu de résidence et de l'origine socioculturelle chaque enfant a droit à un enseignement de qualité;*

*- considérant que la prévision annuelle du besoin en enseignants est limitée au seul niveau local et s'avère de loin plus difficile que la planification et l'affectation des enseignants à un niveau national à l'instar de ce qui se fait dans l'enseignement postprimaire;*

*- considérant qu'il y a lieu d'alléger la lourde procédure d'organisation scolaire dont sont affectés chaque année les communes;*

*invite le Gouvernement*

*- à œuvrer dans le sens d'une nouvelle répartition des compétences en ce qui concerne l'organisation scolaire au niveau précoce, préscolaire et primaire à l'instar de ce qui se fait dans l'enseignement postprimaire en créant un pool national, selon des critères à déterminer, d'instituteurs brevetés engagés, payés et affectés par l'Etat selon les besoins communaux.*

*(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

***Motion 9***

*La Chambre des Députés,*

*- constatant un manque chronique d'instituteurs brevetés dans l'enseignement primaire;*

*- considérant le règlement grand-ducal du 3 mai 1989 fixant la tâche des enseignants de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire;*

*- considérant la réduction de la tâche hebdomadaire normale des instituteurs intervenue par ce règlement comme cause principale de la pénurie d'instituteurs brevetés;*

*- considérant que chaque enfant a droit à un enseignement primaire de qualité et que l'intérêt de l'enfant doit primer sur toute autre considération politique voire électorale;*

*- considérant le rétablissement de la tâche hebdomadaire des instituteurs de l'enseignement primaire au volume d'avant le règlement grand-ducal précité comme essentiel afin de relever le défi de l'intégration d'une population croissante d'élèves d'origines socioculturelles diverses et de permettre aux enseignants de transmettre de façon plus efficiente des programmes scolaires de plus en plus chargés;*

*invite le Gouvernement*

*- à rétablir d'urgence le volume de la tâche hebdomadaire des instituteurs de l'enseignement primaire au volume d'avant le règlement grand-ducal du 3 mai 1989 fixant la tâche des enseignants de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire.*

*(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

***Motion 10***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que l'OCDE a lancé une étude comparative «Attirer, former et retenir des enseignants de qualité» sur les connaissances et aptitudes des enseignants;*

*- considérant que cette étude comparative est connue sous le nom de PITA (Program for International Teachers Assessment);*

*- considérant que cette étude permet de rapporter des données et informations importantes sur la qualité de la formation et des aptitudes pédagogiques des enseignants au Luxembourg;*

*- considérant que les résultats de l'étude PITA sont d'une grande importance pour pouvoir améliorer la formation et le stage pédagogique des futurs enseignants;*

*invite le Gouvernement*

*- à participer à l'étude comparative PITA de l'OCDE.*

*(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

***Motion 11***

*La Chambre des Députés,*

*- prenant acte du constat par la Ministre de l'Education nationale d'une pénurie d'enseignants du postprimaire;*

*- considérant l'instruction ministérielle du 19 juillet 2002 concernant l'organisation scolaire des lycées et lycées techniques;*

*- constatant que la tâche hebdomadaire réglementaire des enseignants du postprimaire est fixée à 22 leçons d'enseignement par semaine;*

*- constatant pourtant que l'instruction ministérielle précitée a confirmé un vaste système de décharges et de pondération des diverses leçons d'enseignements en fonction du nombre des élèves et selon le niveau de la classe respective;*

*- constatant que dans la pratique ce système conduit à une tâche hebdomadaire effective le plus souvent largement inférieure à 22 unités d'enseignement;*

*- jugeant qu'en principe chaque leçon d'enseignement postprimaire devrait avoir la même valeur et partant être affectée du même coefficient à l'instar de ce qui se fait dans l'enseignement primaire;*

*invite le Gouvernement*

*- à réformer dans les meilleurs délais l'instruction ministérielle concernant l'organisation scolaire des lycées et lycées techniques de façon à garantir qu'à l'avenir la tâche hebdomadaire réglementaire de 22 leçons d'enseignement soit effectivement généralement prestée.*

*(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt keng domm Kanner, all Kand ass gescheit. Et muss ee just erausfannen, wou dat Kand gescheit ass. All Kand, onofhängeg vu sengem soziale Statut, onofhängeg vun senger Herkunft, onofhängeg ob et behënnert ass oder net, muss, mat alle méigleche Mëttelen déi mer zur Verfügung hunn, gefördert ginn. Et däerf kee fale gelooss ginn. Dat ass d'Zil wat mir als Gesellschaft ustriewe mussen. D'Schoul soll dem Kand ugepasst ginn, an net ëmgedréint datt d'Kand sech der Schoul upasse muss. D'Elteren an d'Schoulpersonal musse mat agebonne ginn. Dat ass de Message, dee mir als ADR hei mat op de Wee wëlle ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gemooss un deene groussen Ambitiounen déi d'Bildungspolitik verfollegt, muss ee soen, dass dat, wat hei bei der PISA-Etüd erauskomm ass, enttäuschend ass. An et kann ee soen et wär e Schlag an d'Gesiicht vun deene Generatioune virdrun, déi mat engem seriöse Schoulsystem konfrontéiert woren an déi sech och gutt profiléiert hunn. D'Ambitioun ass jo eigentlech fir d'Schüler esou auszebilden, dass se hei am Land, an och am Ausland, hire Mann an all Situatioun stelle kënnen an esou der wichtegster Ressource, déi mer hunn, nämlech der Matière grise, all Éier ze maachen.

Fréier. Wat heescht dat fréier? Virun 30, 40 Joer war een houfreg fir d'Lëtzebuerger Schoul matgemaach ze hunn. Et war ee sécher, dass een op den auslännesche Schoule gutt matmësche konnt. Haut ginn d'Studente mat gemëschte Gefiller an d'Ausland, well se net optimal a professionell, esou wéi et sech muss gehéieren, ausgebilt sinn. Awer och déi Schüler, déi net an d'Ausland ginn, déi hei am Land enger Aarbecht noginn, musse feststellen, an dat gëtt vu Patronatssäit bestätegt, datt hir Kompetenze ganz vill Lacunen opweisen.

Bis zur PISA-Etüd louche wéineg oder keng geséchert Informatiounen iwwert d'Qualitéit vum Lëtzebuerger Schoulsystem vir. Et blouf beim Austausch vu gesetzleche Meenunge mat polemeschen Debatten.

Déijéineg, déi op der Regierungsbänk soutzen, hu fonnt de Bildungssystem wier gutt. Déijéineg, déi an der Oppositioun waren, hu fonnt dass de Bildungssystem schlecht wier. D'PISA-Etüd huet endlech Klorheet geschaaft. D'Resultat ass eendeiteg. Gemooss un den anere Länner, déi am Rahme vun der OECD getest goufen, ass Lëtzebuerg, dat deen deierste

Schoulsystem vun der Welt huet, den Erwaardungen net gerecht ginn. Lëtzebuerg huet kapituléiert an domat ass eng ganz Natioun aus hirem déiwe Schlof gerass ginn. Eng Natioun steet virun de Schierbele vun hire gebrachenen Illusiounen, well si vun enger berühmter Krankheet befall ass, nämlech dem Inselsyndrom. Esou e Syndrom ass nëmmen ze heelen, wann ee lénks a riets gutt gerëselt gëtt. Domat huet d'PISA-Etüd hiren Zwéck schonn erreecht, well méi schlëmm wéi elo kann et net ginn.

Et ass versicht gi fir dës Etüd ze relativéieren. Awer eng Saach ass sécher, op Wonsch vun de Bildungsministèren ass PISA entstanen. De Ministère wosst Bescheed. Hien hat genuch Zäit fir d'Inspekteren, fir d'Gewerkschafte vum Léierpersonal, fir d'Schoulkanner an d'Elteren op dësen Evénement ze preparéieren, esou gutt déi Schüler mat engem héijen Niveau wéi och déi mat engem ganz nidderegen Niveau. Si haten alleguerten d'Chance fir sech ze preparéieren. Wann dat awer net geschitt ass, an et ass esou séier gesot ginn, déi Tester wären an der Paus gemaach ginn, wann dat also esou geschitt ass, dann ass dat fir eis als ADR e Facteur aggravant an esou e Schoulsystem kënne mir net toleréieren.

An der Privatwirtschaft wär et hei zu drastesche Konsequenze komm a vill Leit hätten de Stull virun d'Dier gesat kritt. Méi wäre se och net Wäert gewiescht. Dëse K.O.-Schlag, deen eng vun eise wichtegste Ressourcen agestach huet, hätt kënnte verhënnert ginn. Ech zitéieren d'Madame Durdu, déi an der Budgetsdebatt vum 11. Dezember dat lescht Joer gesot huet: „Ouni d'Gravitéit vun der Situatioun ze verkennen, musse mir trotzdeem éierlech mat eis selwer bleiwen."

D'PISA-Etüd huet keng Wourechten dévoiléiert, déi net schonns bekannt waren. Dofir huet d'DP jo eng Bildungsoffensiv ugekënnegt. An ech zitéieren d'Madame Durdu weider: „D'Reformen hate virun de PISA-Resultater ugefangen". An den Här Rippinger seet an därselwechter Debatt: „Fir d'Demokratesch Partei ass d'Argumentatioun vun enger qualifizéierter Main-d'oeuvre Grond genuch, fir no all deene sëlleche positive Resultater an der Bildungspolitik weiderhi mat därselwechter Motivatioun an deemselwechtem Engagement d'DP-Bildungsoffensiv weider ze dreiwen."

***(Interruptions diverses)***

Ech weess net, Här President, wat den Här Rippinger heimat wollt soen, mä ech hunn d'Impressioun, dat hie sech geiert huet. Well dat hei ass éischter, an ech wëll elo hei net mëssverstane ginn, an ech géif d'DP bieden net ze jäitzen, eng A-Bildungspolitik wéi eng Bildungspolitik. Domadder mengen ech de latéinesche Begréff A, dat heescht, op Lëtzebuergesch iwwersat, wäit ewech op Distanz. D'Demokratesch Partei ass wäit entfernt vun der offensiver Bildungspolitik, déi se ugekënnegt huet. A wa mir dëse Phenomeen méi no a méi déif analyséieren, da stelle mir fest, dass d'Demokratesch Partei, déi jo ganz enk mat hirem Koalitiounspartner verbonnen ass, guer keng offensiv Bildungspolitik däerf hunn - an dat wëll ech beweisen -, well si soss dem Koalitiounspartner, der CSV, e Stréch duerch d'Rechnung maache géif.

D'CSV ass nämlech schëlleg, dass et zum PISA-Debakel komm ass. Et gëtt heibannen ëmmer gesot, d'Sozialiste wäre 15 Joer laang an der Regierung gewiescht an déi hätten näischt gemaach. Dat muss ee relativéieren. Dir hutt a 15 Joer net vill gemaach. Dat ass wouer. Mä et ass och wouer, dass d'CSV an der Bildungspoltik de schwaarze Péiter muss zougeschoustert kréien an do ass bei Gott keng Gnod.

***(Brouhaha général)***

Si ass fir dësen Debakel zoustänneg. D'Demokratesch Partei huet d'CSV esouguer ënnerstëtzt, obwuel wëssend dass d'Schoulwiesen net gutt wier. Well wéi soll ee soss déi Ausso vun der Madame Minister e puer Woche virun de PISA-Resultater interpretéieren? Si huet gesot, et besteet keen Handlungsbedarf. An déi selwecht Madame Minister huet no der PISA-Etüd gesot, et däerf een elo net mam Fanger weisen. Heimadder huet si heemlech gehofft, dass wa si net mam Fanger op d'CSV géif weisen, da géif d'CSV och net mam Fanger op si weisen an op hir Bildungsoffensiv (fräie Samschteg), mä den Här Weiler huet an der Budgetsdebatt vum 11. Dezember 2001 an enger heimtückescher Ried gewisen, wien de Patron hei am Haus ass.

Ech zitéieren den Här Weiler: „Eng Bildungsoffensiv, esou wéi mir se ugekënnegt gi woren, gesinn net nëmme mir net. Dëst wonnert eis eigentlech an deem Sënn och net an ass och kee Reproche un d'Unterrechtsministerin, well mir ëmmer der Meenung waren, datt de Beräich vun der Erzéiung keen Domän ass wou ee ka mat militärescher Terminologie a Praxis zu Wierk goen. Bei enger offensiv ähnlecher Approche riskéieren nämlech vill vun deene Konzernéierten zu Schued ze kommen, wougéint mir awer jo gären hätten, dass der méiglechst vill vun hinnen onbeschuet weider kommen. Dofir bedauere mir net, dass et zu kenger Operatioun „Desert storm" komm ass, déi wahrscheinlech méi Schued ugeriicht hätt wéi se onbeschuet gelooss hätt. Mä déi vun der Demokratescher Partei ugekënnegt Bildungsoffensiv, déi mir an deem Sënn net wënschen - an och frou sinn, dass se an deem Sënn net komm ass -, huet natierlech e groussen Erwaardungsdrock dobausse bei de Schüler, bei den Eltere provozéiert, an et ass elo schwiereg fir deem Erwaardungsdrock, dee wierklech esou staark ass, an deem Sënn gerecht ze ginn."

Wann een dës Ried vum Här Weiler genau analyséiert, da gesäit een, dass den Här Weiler e verstopptene Message iwwermëttelt. Hie versicht mat enger Militärterminologie alles e bëssen ze verwässeren, alles e bëssen ze ridikuliséieren, awer déi Haaptbotschaft ass déi heiten: Et soll alles esou bleiwe wéi et ass. Dëst Signal vun der CSV ass kloer an d'DP huet ze follegen, well wéi ass et soss ze erklären, dass d'Lëtzebuerger Land net un der PITA-Etüd matmécht. D'PITA-Etüd ass jo déi Etüd, déi dës Kéier net d'Schüler mä d'Schoulpersonal géif testen. Hu mir hei eppes ze verstoppen? Firwat loosse mir eis international net moossen a kucke wéi qualifizéiert eist Schoulpersonal ass? Et ass kloer, dass mir fäerte fir nach eng Kéier ganz no beim Schlussliicht ze sëtzen, mir, déi deen deierste Schoulsystem vun der Welt hunn.

Dat géif awer och implizéieren, dass de ganze Schoulsystem radikal misst ëmgeännert ginn an nämlech esou wéi mir et als ADR mat Hëllef vu verschiddene Spezialisten an eisem Programm definéiert hunn. An dat kënnen d'DP an d'CSV sech net erlaben. Et géif hinnen eng Zack aus der Kroun falen, wa si e Jota vum ADR-Programm applizéiere missten. Wéi seriö dass d'PISA-Etüd fir déi zwou Parteien ass, hunn déi zwee Machthaber vum Parlament, den Här Weiler an den Här Rippinger, den 23. Oktober…

***(Brouhaha général)***

…d'lescht Joer bewisen, wéi si eng Interpellatioun iwwert d'Schoulmedizin, déi ech den 9. Oktober ugefrot hat, einfach ofgewisen hunn. Si waren net interesséiert, wéi d'PISA-Etüd opgebessert kéint ginn, andeems een d'Schüler mat engem bessere medizineschen Encadrement zu enger optimaler geeschteger a physescher Verfassung verhollef hätt.

An dobäi huet den Här Rippinger de Courage, fir virun der Budgetsdebatt ze soen: „D'Demokratesch Partei fënnt et schued, dass an esou engem wichtegen Dossier wéi d'Schoulpolitik sech net un een Dësch gesat gëtt fir zesummen un där Reform vum Schoulsystem ze schaffen." All Respekt, Här Rippinger!

En anert Argument, dat d'Seriositéit vun der Politik uprangert, ass de Fait dass déi heiteg Debatt 14 Méint no der Publikatioun vun de Resultater stattfënnt, obschonns den Hearing am Abrëll 2002 ofgeschloss war. Am Joer 2002 war de PISA-Test net d'Haaptthema fir d'Educatiounskommissioun. Et ass emol keen Ofschlossbericht gemaach ginn - et ass hei schonn zitéiert gi vun der Madame Delvaux -, mat der Begrënnung, dass dat ze vill Zäit mat sech géif brénge.

Ech wëllt zwee Zitater vun dem PISA-Hearing brénge. Dat éischt Zitat vum Vertrieder vun der Elterevereenegung: „Als das Resultat bekannt wurde, haben wir uns gefragt: Was ist los?"

Den Elteren, déi e grousst Vertrauen an de bestoende Schoulsystem haten, ass bewosst ginn, dass se ugeschmiert gi sinn, dass se hir Kanner jorelaang engem marode Schoulsystem uvertraut hunn.

Dat zweet Zitat kënnt vum Vertrieder vun der Schülervereenegung: „Fir mech ass d'Schoul net dat Allerwichtegst am Liewen."

Wann een esou eng Ausso fréier gemaach hätt, Dir Dammen an Dir Häre, da wier een doheem ferm zur Uerdnung geruff ginn. Et kann een awer déi Ausso duerchaus vertrieden a verstoen, wann een de chaotesche System vun haut méi genee analyséiert.

D'PISA-Etüd huet gewisen, dass d'Schüler éischtens Schwieregkeeten hu fir e Wësse praktesch unzewennen, zweetens et besteet eng grouss sozial Ongläichheet an drëttens vill ze vill Schüler erreechen net emol de minimale Kompetenzniveau. Et freet ee sech wéi d'Demokratesch Partei dës Mängel an de Gréff wäert kréien, si, déi an der Logik vun hirer Ideologie eng Zweeklassegesellschaft fördert, eng Ideologie, déi déijéineg beräichert, déi scho vill hunn an déijéineg déi näischt hunn, déi kommen net iwwert d'Ronnen, déi léist se einfach goen. Déi ganz Ohnmacht vun der DP léisst sech aus folgendem Zitat vun der Ministesch erausliesen: « Eisen Objectif ass et net fir bei der nächster PISA-Etüd un éischter Plaz virun deenen anere Länner vun der OCDE ze sinn, mä eist Zil ass fir d'Schüler besser fir d'Liewen ze preparéieren. »

***(Interruptions)***

Déi heiten Ausso kënnt enger Kapitulatioun gläich.

***(Hilarité)***

Et ass datselwecht wéi an engem Beispill vun der Sportswelt: «Jo, haut huet eis Equipe 10 - 0 verluer, awer beim Retourmatch wëlle mir net gär gewannen, mä mir wëlle versichen dass eis Spiller besser Passë maachen.»

***(Interruptions)***

Neen, Madame Minister, esou geet dat net.

Une voix.- Dir wiert e gudde Schoulmeeschter ginn.

***(Hilarité)***

M. Jean Colombera *(ADR).*- Virun 30 Joer hate mir eng gutt Schoul. Mir waren un der Spëtzt an am Ausland gäre gesinn. Elo si mir hannen um Wupp. Mir wëllen erëm dohinner komme wou mer waren, dat heescht ganz virbäi. Mir als ADR fuerdere bei der nächster PISA-Etüd eng Plaz am Spëtzepeloton ënnert deene fënnef éischten. Alles anescht wäerte mir net akzeptéieren.

***(Hilarité)***

Ob Är Bildungsoffensiv gegraff huet oder net, wäert déi nächst PISA-Etüd beweisen. Op jidde Fall muss déi zweet PISA-Etüd, wat d'Kritären ugeet, vergläichbar si mat der Etüd-PISA I an et soll net versicht gi wéi bei dëser Etüd se duerch aner Kritäre künstlech ze verbesseren.

Wat gëtt elo no dëser PISA-Katastroph vun der DP proposéiert?

1. Eng Schoul déi méi gerecht ass, déi méi responsabel ass, déi méi Leeschtung bréngt.

2. Back to basics mat Liesen, Rechnen a Schreiwen.

3. An der Schoul gutt Manéiere léiere wéi Bonjour, wann ech gelift, Merci, Au revoir, Pardon. Jo, virwat net? Wann een d'Manéieren net doheem geléiert huet, da sollen d'Kanner déi an der Schoul léieren, awer prinzipiell mussen d'Elteren hir Verantwortung an der Erzéiung vun hire Kanner iwwerhuelen an den Enseignement dergéint ass d'Saach vun der Schoul an net vun den Elteren.

4. D'Schwächte vun der Lëtzebuerger Schoul riicht béien ouni hir Stäerkten ze hypothekéieren.

5. D'Schoulautoritéit muss erëm hiergestallt ginn.

6. Een Austausch vun Informatioun tëschent Elteren a Léierpersonal baséiert op Héiflechkeet a Respekt ee vis-à-vis vum aneren.

7. En Hëllefsangebot fir ganz fréi Defiziter ze dépistéieren.

8. Den Hausaufgaben déi richteg Mooss an dee richtege Wäert ginn.

9. D'Ausgrenzung verhënneren duerch d'Schafe vun neien Integratiounsklassen.

10. D'Opstellung vun engem Schoulkontrakt, wou de Schüler keen Objet méi ass mä eng verantwortlech Persoun mat Rechter a bereet fir seng Flichten ze iwwerhuelen.

Dëst si Propositiounen, déi mir als ADR mat kënnen droen, wëssend awer dass se iwwerflächlech sinn. Wa mir elo awer aner Mesuren analyséieren déi méi déif ginn, da gesi mir dass d'DP zéckt fir richteg duerchzegräifen. Hei e puer Beispiller:

1. Op 7ième ass de Cours d'appui obligatoresch. Et ass gutt esou. Firwat dann net op deenen anere Klassen, Madame Minister? Wann dës Coursen net obligatoresch sinn, dann interesséiere sech déi mannsten dofir. Ech kéint Iech do genuch Beispiller soen.

2. Am 2. an am 4. Schouljoer besteet d'Méiglechkeet fir queesch duerch d'Land gemeinsam Epreuven ze maachen, fir d'Kapassitéiten an d'Kenntnisser vun de Schüler ze testen. Dës Epreuvë si fakultativ. Eis Fro: Firwat sinn dës Epreuven net obligatoresch? Hei hätte mer awer d'Méiglechkeet fir op Schwaachstellen ze reagéieren.

3. Et gëtt net méi bei 25 Punkten, mä bei 27 Punkte kompenséiert. Dat ass de richtege Wee, mä firwat 27 an net 28 zum Beispill oder 29? Et gëtt kengem Schüler een Dingscht geleescht, wann hie matgeschleeft gëtt. D'Schüler musse wëssen, dass 30 déi fatal Grenz ass. Jiddferee kennt déi Grenz, dorunner huet och jiddferee sech ze halen an et ass nëmmen am Extremfall wou ee kann een An zoudrécken a kompenséieren. Et däerf net zur Regel ginn. Wat mécht de Patron an der Privatwirtschaft wann 100 Kandidate sech mellen? Ma e léisst en Test maachen an hélt nëmmen dee Beschten, déi aner hu keng Chance.

Op vill aner Froen huet d'DP bis haut nach keng Äntwert ginn:

1. Wat gëtt géint den Absentéismus an der Schoul gemaach? D'Ofwiesenheet an der Schoul, sief et vum Léierpersonal, sief et vun de Schüler ass ee Faktor, deen zu deene schlechte Resultater bäidréit.

2. Wéi ass et mat de Schoulvakanzen? Ginn déi reduzéiert, jo oder neen? Manner Vakanz bedeit méi Zäit fir d'Schoul a manner Stress fir d'Programmer duerchzezéien.

3. Wéi ass et mat paraschouleschen Aktivitéite während der Schoulzäit? Ass et normal, dass verschidde Klassen déi eng oder déi aner Woch an d'Normandie, an d'Schwäiz oder a Pole fuere fir iergendwéi eng Studie ze maachen?

4. Firwat gëtt zéng Deeg virun enger offizieller Vakanz näischt méi an der Schoul gemaach? Et kann dach net sinn, dass de Schoulprogramm, dee fir dat Joer obligatoresch ass, während véier Woche pro Trimester mat der Briechstaang duerchgeboxt gëtt auf Biegen und Brechen, dass d'Kanner esouguer am Primaire bis aacht, néng oder zéng Auer owes, siwen Deeg an der Woch, ënnert onméiglechem Stress léiere mussen, an dass niewent der normaler Schoulzäit parallell eng Schoul doheem muss fonctionnéieren. Neen, Madame Minister, domadder si mir als ADR net d'accord.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Séier gutt!

M. Jean Colombera *(ADR).*- 5. Et ass ëmmer gesot ginn, d'Kand muss am Mëttelpunkt bleiwen.

War d'Réduction des tâches, déi den Här Boden 1987 agefouert huet, am Intérêt vum Kand? Nie an Nimmer!

Ass déi permanent Ausdehnung vun de Vakanzen am Intérêt vum Kand gewiescht? Neen!

War de fräie Samschdeg am Intérêt vum Kand? Nach eng Kéier neen!

War den Numerus clausus am Intérêt vum Kand? Neen!

War d'Selektioun vun de Kandidaten eleng no Punkten am Intérêt vum Kand? Neen!

A Finnland ginn no laanger an intensiver Selektioun 15 Kandidate vun 100 am Enseignement zougelooss!

Den ADR wëllt d'Schoul aus hirem sture staatleche Korsett befreien, der Schoul méi Fräiraum verschafen an hir gläichzäiteg méi Eegeverantwortlechkeet iwwerdroen.

***(Interruptions)***

D'Schoul soll eng öffentlech finanzéiert Schoul bleiwen, déi awer vill méi wéi bis elo no privatwirtschaftleche Kritäre fonctionnéiere soll.

Une voix.- Très bien!

M. Jean Colombera *(ADR).*- Am Primärunterricht muss déi 1989 vum CSV-Minister Boden mat senger Reduzéierung vun der wöchentlecher Stonnenzuel pro Léierpersoun ausgeléiste Katastroph endlech réckgängeg gemaach ginn, wouduerch de Stonneplang erëm optimal un den natierleche Rhythmus vun de Schüler ugepasst ka ginn. Deemools ass déi Katastroph ausgeléist ginn a si ass weider gefouert ginn. Do ass de Problem, dee mer musse léisen. Madame Minister an Här Boden, do musse mer upaken.

Den Zäitdrock muss aus der Schoul eraus. D'Programmer mussen entlaascht ginn. Déi jëtzeg aacht Klassen, zwou Virschoulsklassen a sechs Primärklassen, sollen duerch zwee Zykle vu véier Joer ersat ginn, fir méi flexibel op déi ënnerschiddlech Entwécklung a Begabung vun de Schüler anzegoen, wéi et zum Beispill zu Genf erprouft gouf. Et muss een Haaptverantwortleche genannt ginn, an deem säin Zoustännegkeetsberäich schoulesch Problemer a Koordinatioun falen.

Am Sekundarunterrecht soll méi privatwirtschaftleche Management

agefouert ginn. D'Direktere sollen demokratesch op eng bestëmmten Zäit gewielt ginn. Si musse méi Eegeverantwortlechkeet erhalen, gläichzäiteg awer och méi Fräiraum fir hiren Unterrecht optimal ze organiséieren. Dat betrëfft d'Gestaltung vum Unterrecht an d'Léiermethoden, awer och virun allem d'Personalpolitik déi sech no privatwirtschaftleche Kritären ausriichte soll. Leitwierder sinn hei: Leeschtungskontroll an Unerkennung vun der Leeschtung. D'Enseignanten, déi ze schwaach sinn, mussen een anere Beruff agoen an net méi am Unterrechtsministère Plaz fannen.

D'Zesummenaarbecht zwëschent dem Léierpersonal vum Primär- a Sekundarunterrecht muss verbessert ginn. D'Schoule sollen zueneen a Konkurrenz stoen, well nëmmen d'Konkurrenz belieft d'Geschäft.

Als Konklusioun muss ee festhalen: D'PISA-Etüd huet eis gewise wou mer mussen handelen. Déi beschte Schoulkräften, déi beschte Pädagoge mussen do agesat gi wou et am néidegsten ass, nämlech an den éischte Jore vum Schoulzyklus. D'Fäegkeete vun de Kanner mussen am Ufank vum Schoulliewen entdeckt a gefördert ginn. Wa mer dat maachen, brauche mir als Gesellschaft spéiderhi keng Folgekäschte vun enger falscher Planung ze droen.

Mir si verantwortlech fir all Kand dat mer verléieren, fir all Kand dat mer net ënnerstëtzen, fir all Kand dat mer liichtfankeg fale loossen. All Kand ass e Genie a sengem Domän.

Et gëtt keng domm Kanner! Et ginn nëmme Leit déi eng Saach domm upaken. Mir als Politiker mussen d'Schicksal vun eise Kanner op eng gescheit Aart a Weis upaken. Mir als ADR si bereet fir dës Erausfuerderung.

Merci.

***(Interruption)***

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, selten huet eng Etüd esou schlagaarteg Defiziter an engem Beräich beliicht wéi d'PISA-Etüd dat hei fir den Enseignement gemaach huet. A well déi Problemer esou gravéierend sinn a schonn zënter Jorzéngten esou gravéierend sinn, geet déi Debatt hei och wäit iwwert den Objet vun der Etüd eraus, dee jo dora bestanen huet an engem Test an den OECD-Staten, dat heescht an deenen entwéckelte Länner, erauszefanne wéi Schüler mat 15 Joer um Enn vun hirer Schoulflicht et fäerdeg bréngen, ech zitéieren: „geschriwwen Texter ze verstoen, ze benotzen an iwwert si ze reflektéieren, fir eegen Ziler ze erreechen, dat eegent Wëssen a Potenzial weiderzëentwéckelen an um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen".

D'Diskussioun iwwer PISA hëlt heiansdo cocasse a widderspréchlech Dimensiounen un, wann een zum Beispill gesäit wéi grad déi éischter konservativ Professerenorganisatioun APESS deen neoliberale Geescht vun där Etüd hei uprangert.

Dir Dammen an Dir Häre, ech si sécher keen Unhänger vun der OECD an hiren neoliberale Wirtschaftstheorien, mä ech mengen awer, datt déi PISA-Etüd hei engem humanistesche Bildungszil a kenger Hinsicht entgéint steet. D'Verhältnis vun Theorie a Praxis ass och aus menger Siicht wesentlech. D'Schoul soll d'Schüler zu ganze Mënschen, zu autonomen a kritesche Mënschen erubilden. Och am klassesche Lycée ass dat awer nëmme begrenzt de Fall. Och do steet d'Wëssensakkumulatioun vu Fakten a vu Regelen an net dat kreatiivt Léieren am Virdergrond, wéinstens an deenen Altersstufen déi PISA kontrolléiert huet. Grad déi Etüd hei weist jo och Schwächten op bei deene beschte Schüler, déi iwwerduerchschnëttlech grouss si par rapport zu deenen anere Länner.

Schonn d'Schülerbewegung 1968 huet en déiwe Malaise mat engem verstëbsten an autoritäre Schoulsystem ausgedréckt an huet iwwregens och de Besoin no engem demokrateschen Zougang zum klassesche Bildungswee zum Ausdrock bruecht. Si war selwer den Ausdrock vun enger gewësser Demokratiséierung vun der Schoul. Deemools sinn zum Beispill am Süden ëmmer méi Aarbechterkanner an de Lycée gaangen. Deemools sinn och nach déi Froe vum demokrateschen Zougang vun der Schoul wëssenschaftlech ënnersicht ginn. Déi Magrip-Studie ass schonn hei genannt ginn. Ech weess net, ob een heibanne weess, wat dat heescht Magrip. Ech hu mech informéiere gelooss, dat heescht Matière grise perdue.

***(Interruption)***

Ech fannen dat gëtt ganz gutt den Zesummenhang erëm zwëschent der Demokratiséierung vun der Schoul an der voller Ausnotzung vun alle mënschleche Ressourcen, déi noutwenneg ass.

Déi ganz sozial Brisanz vun der Schoulfro stellt sech menger Meenung no och elo erëm. Den Här Wiseler huet virdrun dovu geschwat mir misste verhënneren, dass de soziale Gruef méi grouss gëtt. Ech mengen dee soziale Gruef ass scho längstens do. Zënter laangem ginn zwar scho keng Ziffere méi veröffentlecht iwwert de soziale Milieu aus deem d'Schüler kommen an och net iwwert den Afloss vun deem Milieu op hir Schoulleeschtungen. Et ass duerfir schonn eng gewësse Brisanz, wa grad d'OECD an dëser Fro Lëtzebuerg schlecht Nouten ausstellt, wat den negativen Afloss vum sozialen Ëmfeld op d'Schoul betrëfft. Lëtzebuerg läit hei wäit ënnert dem europäeschen Duerchschnëtt.

An enger anerer Studie, déi elo viru kuerzem eréischt erauskomm ass, iwwert de Rendement moyen de l'éducation, déi vum Déifferdenger CEPS, dem Centre d'études de population, de pauvreté et de politique socio-économique, ausgeschafft ginn ass, geet Rieds vun enger ganz ausgeprägtener Dominanz, ech zitéieren: „Dominance de l'origine sociale par rapport aux capacités personnelles dans la détermination du niveau d'éducation et donc aussi du rendement de celle-ci". Déi Etüd plädéiert bemierkenswäerterweis souwuel beim Projet Uni Lëtzebuerg wéi och wat d'Primärschoul ugeet fir méi eng staark öffentlech Interventioun an deem Sënn, fir déi Inégalitéiten do ze reduzéieren, „non pas seulement dans un but d'équité (favoriser les enfants des milieux désavantagés), mais également dans un but d'efficacité de la dépense publique".

Well et zu Lëtzebuerg keng Statistiken iwwert déi sozial Originë vun de Schüler gëtt, ass an der Vergaangenheet dacks zréckgegraff ginn op déi Presenz vu verschiddenen Nationalitéiten, déi jo statistesch erfaasst ass an eisem Bildungswiesen a besonnesch op d'Presenz vun eise portugisesche Matbierger, déi wéi mir jo wëssen zu engem groussen Deel aus Aarbechter bestinn. Och déi Zuele sinn ëmmer nach ganz opschlussräich, esou wann ech zum Beispill kucken am Joer 2001/2002 stellen déi portugisesch Kanner am Primaire nach 18,9% vun de Schüler duer, do wou d'Kanner all zesumme sinn. Si stellen nëmme 4,7% am Lycée classique duer, awer am Lycée technique 22,5%, also iwwerduerchschnëttlech. Nach méi iwwerduerchschnëttlech am Modulaire, wou si eleng 34,9% vun alle Schüler stellen.

***(Interruption)***

Ech hunn nach eng weider flagrant Zuel erausgegraff aus enger Studie iwwert den Enseignement secondaire, wou bei 2.456 Absolvente vun der Première gefrot ginn ass, wat fir eng Nationalitéit datt se hunn. Abee do hunn 91,4% uginn si wiere Lëtzebuerger, 2,8% si wiere Fransousen an 1,7% si wiere Portugisen.

Um aneren Enn vum Bildungssystem am Modulaire ass eng ganz katastrophal Situatioun déi mir alleguerte kennen. Et handelt sech hei ganz dacks ëm e Ghetto, deen och gebailech vum Rescht vum Enseignement secondaire technique getrennt ass. Ganz dacks feelt et grad hei u qualifizéiertem Personal. Domat wëll ech näischt géint déi Leit, déi do mat ganz vill Engagement schaffen, gesot hunn, mä et ass eng Tatsaach, an dat stellt och d'PISA-Studie fest, datt 65% vun de Modulaireschüler als funktionell Analphabete gëllen. Ënnert deene Schüler gëtt et bestëmmt e ganz groussen Deel dee vun enger héijer Intelligenz ass, an do wëll ech dem Här Colombera ganz Recht ginn, dee seet: „Et gëtt keng domm Schüler."

Et feelt och ganz dacks an dem Modulairesystem do u beruffleche Perspektiven. Ech hu mer soe gelooss, wat d'Ausbildung fir e CITP ugeet, dass do bei 450 Admissiounen op Dossier der 303 dobäi sinn, déi kee Léiervertrag kréie kënnen an déi op der Waardelëscht sti beim Centre national de la formation professionnelle, an net wësse wat fir e berufflechen Débouché se sollen huelen. Do kann een awer nëmme soen, Här President: Quel gâchis! Wat e Verbëtzels vu mënschleche Kapassitéiten a wat fir e soziale Sprengstoff och fir d'Zukunft.

Mä Lëtzebuerg ass iwwerhaapt e Spëtzereider wat déi negativ Zuelen ugeet. Ech huelen do eppes aneschters, de Rapport européen sur la qualité de l'éducation scolaire, deen am Mee 2000 erauskomm ass. Eng europäesch Etüd, déi ongefeier zäitgläich ass mat der PISA-Etüd, wou och opschlossräich Zifferen dra stinn iwwert den Taux d'échec scolaire, wou zum Beispill Lëtzebuerg Spëtzereider ass mat iwwer 30% vun de Schüler, zesumme mat Portugal iwwregens, déi nom ofgeschlossenen ënneschten Zyklus am Secondaire keng weider Ausbildung oder Léier gemaach hunn. A wann een déi nach géing dobäi huelen, déi emol deen éischten Zyklus net ofgeschloss hunn, da géifen Zuele vun iwwer 40% erauskommen. Ech wëll just bemierken, dass Finnland a Schweden beim Echec scolaire ënner 10% leien.

Ëmgekéiert ass Lëtzebuerg mat Portugal dat Land wat déi mannste Jonker huet, déi deen ieweschten Zyklus vum Secondaire ofgeschloss hunn, an zwar manner wéi 60%. Hei leie Finnland a Schweden bei wäit iwwer 80%. 68% vun de Schüler vun enger Altersklass kréien a Finnland den Niveau fir op d'Héichschoul ze goen. Eng Situatioun vun där hir Lëtzebuerger Kolleegen awer nëmme kënnen dreemen. Dass se awer dovunner dreemen, dat gesäit een an enger anerer Etüd, déi viru kuerzem virgestallt ginn ass, iwwert „das Wohlbefinden der Jugendlichen in Luxemburg".

Dorauser zéien ech, dass zum Beispill am Zentrum 52,1% vun alle Schüler dovunner dreemen eng Kéier op d'Universitéit ze goen, am Süden 36,6% - do gesäit een iwwregens och déi regional Ënnerscheeder ganz gutt -, am Norden 31,7%. Vun de Lëtzebuerger Jonge wëllen op d'Universitéit goen - Dir wësst jo déi genau Zuelen, wéi vill dass der effektiv drop ginn - 46,9%, vun de Meedercher 44,8%, vun de portugisesche Jongen ëmmerhin nach 22,4% a vun de portugisesche Meedercher 29%.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

D'Association de soutien aux travailleurs immigrés schwätzt dovun, dass de Lëtzebuerger Schoulsystem riskéiert kuerzfristeg zur Explosioun vun der Gesellschaft a souguer zu enger Well vu Gewalt vun de Laissés-pour-compte ze féieren.

Ech liesen dat aus dem Avis vun der ASTI, dee mer geschéckt kritt hunn. An d'ASTI wäerft der Schoul vir, si wier e «briseur de rêves d'enfants et de parents».

Ech kommen ëmmer méi zur Iwwerzeegung, Dir Damen an Dir Hären, dass Lëtzebuerg eng blockéiert Gesellschaft ass, vun där vill Komponente vun dëser Chamber a vun der Regierung iwwerhaapt net méi vertratt ginn, an dass och kee wierklechen Effort gemaach gëtt fir aus där Situatioun eraus ze kommen, déi jo fir d'éischte Kéier hei an den 80er Joren diskutéiert ginn ass a wou sech näischt Wesentleches geännert huet.

Ech war bis elo theoretesch dovunner iwwerzeegt, dass nëmmen den Tronc commun, also nëmmen d'Zesummesi vun alle Kanner bis zum Enn vun der Schoulpflicht, d'Kapassitéit vun alle Kanner kéint voll ausschöpfen. Grad esou ewéi nëmmen e wierkleche breede Sport herno e seriöse Spëtzesport kann ervirbréngen.

Et ass hei gesot ginn, et gi verschidde Modeller vun Troncs communs, déi eng si méi erfollegräich wéi déi aner - mengen ech, sot den Här Wiseler -, ma ech géif him da soen, dann huele mir déi Modeller déi am erfollegräichste sinn a mir wende se differenzéiert op eis Realitéit, och eis Sproocherealitéit ënner anerem, zu Lëtzebuerg un. Well och hei komme mer net ronderëm déi Fro, déi och iwwregens mat sech bréngt, dass grad am Ufank vun der Schoul, grad op deenen ënneschte Primärschoulklassen intensiv an differenzéiert mat deenen eenzelne Schüler geschafft gëtt, wat och dat néidegt ausgebilte Personal dann natierlech viraussetzt.

A Finnland schaffen déi beschte Pädagoge bei deene Kanner mat deene gréisste Schwieregkeeten. Nëmmen zu Lëtzebuerg ass dat ëmgekéiert. Dat setzt och viraus, dass de Bildungsbudget an d'Luucht gesat gëtt, deen nëmme 4% vum PIB zu Lëtzebuerg ausmécht géint iwwer 8% a Finnland. A Finnland schaffen iwwregens op deenen héije Klassen d'Schüler wäitgehend autonom, wat d'Personalkäschten erëm eng Kéier erof setzt.

Ech hunn eng Motioun era ginn. Ech géif och da vläicht, Här President, déi puer Minutte Riedezäit, déi ech bei der Motioun hunn, hei huelen, fir nach meng Ried zu Enn ze bréngen.

An där Motioun entwéckelen ech meng Iddië wat d'progressiv Aféierung vun engem Tronc commun ugeet. Ech schloen do vir, dass en Aarbechtsgrupp agesat gëtt, deen déi Problematik diskutéiert, mat all deem wat domat zesummenhänkt - och mat der Formation des enseignants zum Beispill - deen da bis zum Enn vum Joer 2003 éischt Resultater virleet an och legislativ Schrëtt proposéiert fir a Richtung vun engem Tronc commun ze goen.

Här President, ech werfen der Madame Ministesch, déi elo iwwregens eraus gaangen ass, net vir, si wier Schold um PISA-Misère. D'PISA-Etüd ass 2000 gemaach ginn. Si ass 1999 an d'Amt komm. Fir de PISA-Misère sinn all déi Regierungen an och déi Majoritéite verantwortlech, déi och scho virdru bestanen hunn, an och besonnesch déi Partei déi de Ressort vun der Educatioun ëmmer hat.

Mä ech werfen awer der Madame Ministesch vir, dass se elo net déi richteg Konklusiounen aus dem PISA-Debakel zitt, virun deem mer stinn, mä dass si, au contraire, nach Propositioune virschléit déi an déi géigesätzlech Richtung ginn.

Ech wëll dat un dräi Beispiller kuerz um Schluss vu menger Ried nach eng Kéier soen. Esou wäit ech héieren hunn, läit en Avantprojet vir wat d'Reform vum Cycle inférieur vum Enseignement secondaire technique ugeet, deen awer virgesäit nach méi Schüler an déi ënnescht Laufbahnen ze drängen an do och nach déi Schüler, déi souwisou scho méi schwaach sinn, am Modulaire och nach ze konkurrenzéieren, wat den Accès zum Beispill vun esou Formatioune wéi CCM a CITP ugeet. Also just de Contraire vun deem wat ee soll maachen. Wann ech och nach liesen, dass d'Programmer vum Enseignement secondaire technique generell sollen „désecondariséiert" ginn, da muss ech jo feststellen, dass déi Schüler dann nach méi vum allgemengen Zougang zur Bildung ofgesondert solle ginn.

***(Interruption)***

Här Rippinger, ech huele meng puer Minutte bei meng Riedezäit bäi.

***(Interruption)***

Den Här Rippinger huet Iech gewisen, Dir sollt ofschneiden, mä ech wollt en dann informéieren, dass ech och nach e bësse Riedezäit zu de Motiounen hunn.

Deen zweete Volet, dat ass d'Uni Lëtzebuerg. Wat jo a menger Sicht, opgrond vun deem wat ech bis elo dovunner konnt liesen, en absolut autoritairen a partielle Projet ass, deen emol net e regelrechten Enseignement pédagogique virgesäit, dee jo och vun den Enseignantë selwer gefuerdert ginn ass, mä deen nëmmen eng Formation professionnalisante vun dräi Joer virgesäit, esou wäit ech informéiert sinn. Et sief dann, ech kréien hei de Contraire gesot.

An drëttens, an dat ass schonn hei vun de Kolleege vun der sozialistescher Fraktioun gesot ginn, wëll ech och dat Pushe vun de Privatschoulen duerch aussergewéinlech finanziell Vergënstegunge bemängelen, dat vun dëser Regierung ugestrieft gëtt. A mir denken do net nëmmen un déi kathoulesch privat Schoulen, mä mir denken och un dat wat alles nach hannendru kënnt. Mir wëssen och - an dat ass och schonn hei, mengen ech, vun de Kolleege vun der Grénger Fraktioun gesot ginn -, dass et international Schoulkonzerner gëtt déi, esou wéi et Hotelchaînë gëtt, och Chaînë vu Schoulen an all de Länner hunn. Dat kënnt dann och op eis zou an dat gëtt dann och finanzéiert an dat dreift d'Schoul nach ëmmer méi auserneen.

Voilà, ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Urbany. De leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Scheuer. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Liewe vun engem Oppositiounspolitiker ass jo net ganz einfach an déi meescht Debatte si relativ frustrant, an der Oppositioun ganz oft méi wéi an der Majoritéit, mä am frustrantste sinn dës Kéier d'Debatten iwwert d'Schoulpolitik, déi stelle fir mech eng extrem grouss Déceptiou duer.

Déi éischt Debatt, déi mir haten, war iwwert d'Integratioun vun den Net-Lëtzebuerger Kanner. Déi zweet Debatt, déi mir elo hunn - déi grouss Debatt -, dat ass d'PISA-Debatt. Fuerchtbar enttäuschend si fir mech d'Konklusiounen déi aus deenen Debatte gezu ginn. An déi Konklusiounen déi een zéie muss sinn déi heiten: Alles widderhëlt sech, alles ass gewosst, déi Leit déi op d'Tribün komme soe genau

datselwecht wéi se scho virun engem Mount, a virun zwee Méint, a virun zwee Joer, gesot hunn. An ech wëll net suffisant sinn, mä ech behaapten, datt alles wat haut de Mëtteg hei gesot ginn ass, vu mir gewosst war, an déi Leit déi hei op der Tribün stoungen, hunn dat wat se gesot hunn och schonn x-mol virdru gesot.

Wann een dat net kontestéiert kritt, da muss ee feststellen datt absolut keng Opbrochstëmmung an der Chamber virherrscht. Wou ass d'Offensiv? Déi Erwaardungshaltung déi verknëppt war mat der Wahlcampagne vun der DP, déi ass enttäuscht ginn. Et huet een d'Impressioun - an dat erkläert och firwat dass ech zum Beispill refuséiere fir an där Kommissioun un enger Motioun matzeschaffen a fir eng Motioun mat der Majoritéit ze ënnerschreiwen an och de Numm drënner ze setzen - wéi wann ee géint eng Gummismauer géif lafen, se geet zréck, se blockt of, et leeft alles erof, et kënnt näischt dobäi eraus.

D'Madame Brasseur ass eng Ministesch, déi ass imperméabel, si ass opaque. A munchmol maache Leit an der Chamber en Exercice dee scho luewenswäert ass, se schreiwe Motiounen, am Benediktinerfläiss maache se Proposition-de-loien a se féieren hei op der Tribün laang Rieden.

Ee vun deenen ass den Här Garcia, eng äusserst sympathesch Figur, e bëssen eng tragesch Figur an dësem Kontext. E kënnt mer vir wéi ee vun deene sympatheschste Leit déi et an der Literatur ginn, den Don Quichote. Eng dramatesch Figur, äusserst sympathesch. Hien huet gekämpft, hien ass gescheitert…

***(Interruption)***

…an hie gëtt awer net op, an alles wat den Här Garcia gesot huet, alles wat hie geschriwwen huet, dat ënnerschreiwen ech mat zwou Hänn.

***(Interruption)***

Awer ech muss schonn am Défaitismus, deen eben einfach esou iwwert ee kënnt, an am Laf vun deene leschten zwee Joer iwwert mech komm ass, soen, datt déi Figur vum Don Quichote tragesch gëennt ass.

D'Mady Delvaux huet de ganze Katalog vu Mesurë virgeschloen iwwert déi mir diskutéieren.

***(Interruption)***

Ech sinn iwwerzeegt dass den Här Garcia op eemol mat sengem Aktivismus, deen hien un den Dag leet, ophält. Well esou masochistesch ass den Här Garcia och net, fir weider ze fueren.

D'Madame Mady Delvaux huet d'Positioun vun der LSAP in extenso duergeluecht. Ech wëll mech just op e puer Remarke beschränken, déi awer nach ze maache bleiwen, an wëll mech komplett op d'Resultater aus der PISA-Etüd baséieren.

An ech wëll mol ee Rappel maachen, dee mer dach wesentlech schéngt an deen haut de Mëtteg kaum hei ugeklongen ass. Den Andreas Schleicher, den Direkter vun de PISA-Programmer bei der OECD, huet PISA folgendermoosse bezeechent: Hie seet, et ass en Instrument fir d'Leeschtung vun de Bildungssystemer duerzestellen a fir déi Leeschtungen op hir Nohaltegkeet ze préifen.

An Nohaltegkeet préifen, dat heescht an dësem Fall kontrolléiere wéi 15-jähreg jonk Leit, also um Ofschloss vun hirer Schoulpflicht, op d'Liewe virbereet sinn.

Op Lëtzebuergesch genau d'Intention vun der PISA-Etüd iwwersetzen an d'Konklusioun doraus ass jo a muss awer déi heite sinn: D'Lëtzebuerger Elèvë vu 15 a 16 Joer sinn op d'Liewen, dat se hei zu Lëtzebuerg féieren, katastrophal schlecht virbereet. Dat heescht, et geet hei an dëser Diskussioun net ëm Wëssen, et geet net ëm d'Moosse vu Wëssen, et geet ëm d'Moosse vun deem wat ee Kompetenzen nennt. A wann d'Madame Minister sech konsequent wär, da misst se wierklech higoen an eng Evaluatioun vum Niveau vun de Lëtzebuerger Primaner maachen a vun deene Leit déi d'13ième gepackt hunn. An deem Fall kënnt se dat schiift Bild vun der PISA-Etüd riichtbéien. Wann dat net geschitt, da bleift dat am Raum stoen an da sti mer do als déi déi gescheitert sinn. Avis aux amateurs, Madame!

Eis Elèven hu schlecht ofgeschnidden - an ech wëll dat e bëssche verdäitlechen -beim kreativen Ëmgang mat der schréftlecher Informatioun. Si hu schlecht ofgeschnidde beim Applizéiere vun hirem Wëssen op real Situatiounen, dat heescht op d'Liewen, wéi dat esou schéin heescht. A beim Matdeelen, dat heescht an dësem Fall beim Nidderschreiwe vu Gedankegäng a vun Iddien. Si hu schlecht ofgeschnidde bei der Mathematik. No der OECD-PISA, solle Problemer vum Alldag erkannt ginn, analyséiert ginn, begrënnt ginn an et soll ee se dann och kënne matdeelen. Och do schneide mer also schlecht of.

Bei den Naturwëssenschaften ass et esou: D'Zil vun den naturwëssenschaftleche Studien ass fir d'Kanner dozou ze bréngen ze beobachten, fir hir Kenntnisser anzesetzen, fir Konklusiounen ze zéien an zum Schluss dann Entscheedungen ze treffen. Gesidd Der, dat do ass ural, mir hunn net eise Wëssensstand gemooss kritt, mir hu gemooss kritt wéi d'Lëtzebuerger Schoul am Liewen do steet, an eiser Gesellschaft do steet, am Verhältnis zu Situatiounen, déi sech an all Land presentéieren. Där Komplexitéit ass d'Lëtzebuerger Schoul net gewuess gewiescht.

Dat war d'Essenz vun der PISA-Etüd. D'Fro, déi ee sech elo hätt misse stellen, ass: Wéi ännere mer eis Schoul ëm, wéi bereede mer d'Kanner besser drop vir fir mam Liewen ëmzegoen?

Ech sinn och der Meenung, dass dofir, aus där doten Optik eraus - an dofir hunn ech et zitéiert, am Virfeld vun der PISA-Diskussioun -, de Gremium, deen zesumme geruff ginn ass, net breet genuch ausgewielt war. Ech sinn der Meenung, dass net all interesséiert Partner an der Chamber hei un der Diskussioun deelgeholl hunn. Ech stelle fest, dass mer vill ze vill restriktiv waren, jiddfereen dee geruff ginn ass ass zu Recht geruff ginn, mä vill anerer hätten en Apport zur Diskussioun kënne bréngen. Vill Gremien, vill Institutioune waren net derbäi. Ech froen Iech emol: Wou war d'Beruffswelt? Wou war d'Ekonomie? Wou waren déi, déi un der Integratiounsdebatt deelgeholl hunn? Wou waren d'Chambres professionnelles? Wou ware virun allem déi, déi d'Kultur hei zu Lëtzebuerg representéieren, déi aktiv d'Kulturliewen zu Lëtzebuerg prägen, an déi domadder fir mech och responsabel si fir de Begréff Enseignement général mat Liewen a mat Contenuen ze fëllen? Wou ware se, déi net staatlech Institutiounen? Fir mech hätt déi Diskussioun missen d'Basis gi vun enger reeller Bildungsoffensiv. Déi Diskussioun ass an engem Cercle fermé virbereet ginn.

E puer praktesch Remarken: Den éischte Fait ass, dass d'soziokulturell Situatioun vun de Kanner hei zu Lëtzebuerg en Impakt op d'schoulesch Leeschtungen huet. Am August 2002 sollt déi Etüd virléien. Wou ass se? Madame Minister, do ass e Vakuum entstanen an all Mesuren déi Der elo proposéiert an all Mesuren déi an der Etüd hei stinn hätten eng aner Basis, wa se géife foussen op der sozio-ekonomescher Etüd, déi ganz breet gefächert misst ausfalen.

Eng Analys vum soziale Statut vun de Kanner ass noutwendeg an ouni déi Analys vun de Méiglechkeeten, déi d'Kanner doheem hu fir ze léieren, fir sech ze bilden, fir och mat de Problemer, déi sech hinne stellen, fäerdeg ze ginn, kann een och keng Bildungsoffensiv maachen. Vum 6. Dezember 2001 bis haut hätt ee vill kënne maachen. Dat as net geschitt an ech wollt einfach, fir dat ze verdäitlechen, och dee Saz aus der PISA-Etüd virliesen: „Also die Tatsache deutet darauf hin, dass die Schulsysteme anderer Länder besser mit den Benachteiligungen die durch einen unterschiedlichen sozio-ökonomischen Hintergrund bedingt sind umgehen können." Dat ass batter fir d'Lëtzebuerger Land a fir eise Schoulsystem.

Déi zweet Remarque: D'Lëtzebuerger Schoulpopulatioun ass esou heterogen zesummegestallt wéi niergendwou an Europa. Kanada ass nach vläicht dermat ze vergläichen, mä trotzdeem stellt de Problem sech elo ganz anescht bei eis wéi a Kanada. Mä hien ass e comparabel zu verschiddene Regiounen am noen Ausland, an och comparabel zu verschiddene Stied am Ausland. Mir sinn net eenzegaarteg an ech wëll just hiweisen op dat wat den Här Garcia dozou gesot huet, datt mer net elei eng Ausnahmesituatioun hunn, mä dass mer eis scho kënnen inspiréieren u Modeller déi fonctionnéieren.

D'Integratiounschancen an domat d'Bildungschancë vun den Net-Lëtzebuerger Kanner si mat der Bildungsoffensiv, Madame Brasseur, net besser gi wéi virdrun. Dir hutt de Punktekatalog vum Här Fischbach vu 40 Punkten ersat op e Punktekatalog vun ongeféier 20 Punkten. En ass reduzéiert ginn, mä qualitativ ass näischt Neies bäikomm.

D'Auslännerkand huet hei zu Lëtzebuerg keng optimal Chancë fir sech ze verwierklechen. Déi Erkenntnis ass al, d'Etüd Magrip huet dat scho gesot. A wat heescht dat? Et ka seng intellektuell Fäegkeeten net entwéckelen, et huet Schwieregkeete fir sech an d'kulturellt Liewen hei zu Lëtzebuerg ze integréieren. Kuckt emol wéi niddreg de Prozentsaz, grad vu portugisesche Kanner a vu portugisesche Leit, an de Lëtzebuerger Kulturveräiner ass. Et ass beschämend fir d'Lëtzebuerger Kulturwelt, dass mer et net fäerdeg bruecht hu fir si ze integréieren, an et ass a mengen Aen zum gudden Deel e Feeler vun der Schoul. Dir hutt hei bei dëser PISA-Debatt och d'Chance verpasst fir eng kultur-politesch Debatt ze féieren an domat en neie Wand, en offensive Wand an d'Integratiounsdebatt eranzebréngen.

Dir musst Iech de Virworf gefale loossen, datt och kee Wëllen do ass fir ze préifen ob d'Contenuen, ob d'Matière an deelweis sécher och d'Methoden deem Zil ugepasst sinn, dat d'OECD gesat huet, nämlech d'Elèven an d'Kanner op d'Praxis virzebereeden.

Et gëtt keng Reform vun de Programmkommissiounen, et gëtt formal Ëmstrukturéierungen, et gëtt administrativ Ëmännerungen, mä déi Programmkommissiounen, déi maache sech net op fir d'kulturellt Liewen a si maache sech och net op fir berufflech Instanzen a fir Institutiounen, déi souwisou amgaange sinn hiert Eegeliewen ze entwéckelen a mat Pabeieren op de Maart kommen an erauskomme. Et entsti Gremien, wou de Ministère de l'Education nationale nach nëmmen een Element ass an nach emol net dat wichtegst Element ass, fir zum Beispill d'Formation continue ze programméieren an op d'Pist ze setzen.

Drëtt Remarque: d'Ganzdagsschoul. Ech wëll do just op e méiglechen Etiketteschwindel hiweisen oder op eng Begréffsverwirrung. D'Definitioun vun deem Begréff ass net einfach. Ech hunn d'Impressioun, wéi wa mir ënnert der Ganzdagsschoul éischter d'Begleedung no der Schoul verstinn, eng Begleedung, déi deelweis gemaach gëtt vu Pädagogen, mä haaptsächlech vun Net-Pädagogen. Mir brauchen onbedéngt e pädagogesche Konzept fir dee Begréff Ganzdagsschoul dann ze fëllen. En däerf net zu enger Beschäftegungstherapie ausaarten oder féieren. D'Schoul huet net d'Fonctioun vun enger Garderie. Déi Nomëtteger déi an der Schoul verbruecht ginn, dat si keng Spillnomëtteger. Ech wëll just do op ee Punkt hiweisen, deen awer als e grousse Manko am Lëtzebuerger Schoulsystem ëmmer nees duergestallt gëtt.

Dat ass dee klengen Deel, deen d'Erzéiung zur Konscht hei an eisem Unterrechtswiesen anhëlt, zum Beispill dee gerénge Stellewäert vun de musesche Fächer bei eis an op där anerer Säit deen héije Stellewäert deen d'musesch Fächer an de skandinavesche Länner hunn. Vläicht wär d'Méiglechkeet, wann Der net de Courage hutt a wann Der et net fäerdeg bréngt fir d'Programmer, d'Schoulstonnen an d'Horairen op d'Kopp ze dréinen an d'musesch Fächer nei ze iwwerdenken an ze revaloriséieren, fir an enger Ganzdagsschoul méi ze maachen, an zwar net nëmmen an der Primärschoul, mä och am Lycée.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här Scheuer, däerf ech Iech just eng Fro stellen?

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Jo.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dir hutt gesot vun der Ganzdagsschoul mat de Konzepter, et wär net kloer wéi dat géing goen. Ech hu virdrun d'Konzept vun der Ganzdagsschoul, dat mir als Partei hunn, genannt an erkläert wéi een dat kéint maachen. Dir hutt awer elo net gesot wat dann Äert Konzept vun der Ganzdagsschoul wär, wéi Dir Iech virstellt wéi dat sollt ausgesinn am Primaire, am Postprimaire. Dat si jo awer wichteg Froen. Et sinn esou Wierder déi hei an d'Welt geworf ginn an déi Der awer net erkläert an Der sot net prezis, wat Der wëllt a wéi Der et wëllt.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- D'Madame Delvaux an ech, mir hunn eis d'Aarbecht opgedeelt. Ech hunn nach fënnef Minutten. Mir komme mat dem Konzept, et ass absolut kee Problem. Mir hate schonn am leschte Wahlprogramm munches driwwer gesot.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Et ass esou wéi an der Kommissioun, Dir kommt domat mä Dir schwätzt net driwwer.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Ech wollt nach eppes soen iwwert d'Strukturen. Ech schléisse mech do souwuel un un dat wat den Här Wiseler virdu gesot huet wéi un dat wat den Här Garcia an och d'Madame Delvaux gesot hunn.

Mir hunn e Lëtzebuerger Schoulsystem dee cloisonnéiert ass, deen hiérarchiséiert ass. Et gi minimum 12, wann net 13 Septièmen. Déi Gesamtschoul, déi d'Primärschoul duerstellt, hält nom sechste Schouljoer op an da flitt et auserneen. A wéi! Et sinn Essaie gi fir et nees zesummen ze féieren. Den Här Garcia huet ganz diskret iwwert d'Gesamtschoul geschwat a vu Leit déi Carrière gemaach hunn trotzdeem datt se bal zu Diddeleng ënnert d'Rieder komm waren an deem System. Den Här Wiseler huet vum Modulaire geschwat, awer haaptsächlech dee Modulaire op de Primaire bezunn.

Wéi ass et dass an deene Länner, wou d'Kanner am Längste beienee bleiwen, se am Beschten ofschneiden an der PISA-Etüd? Dat ass e Fait.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Neen, dat ass kee Fait.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Déi meescht Länner hunn d'Integratioun méi wäit pousséiert wéi mir. Dat ass e Fait. Ech wëll net generaliséieren. Or, hu mir een Essai gemaach zu Lëtzebuerg fir déi additiv Gesamtschoul ze realiséieren, andeem mer nämlech de Préparatoire beim Lycée, beim Enseignement technique gelooss hunn? Madame Minister, Dir gitt ewell esou wäit fir esouguer de Préparatoire eraus ze huelen an ze ghettoiséieren. Ech fannen dat skandaléis. Dat ass net korrekt vis-à-vis vun deene Kanner an et ass och net korrekt vis-à-vis zum Beispill vum Koalitiounspartner deen iwwerzeegt war dovun, datt de Préparatoire am Technique sollt integréiert bleiwen.

A wann eng Diskussioun interessant war, elei an der Chamber, da war et d'Diskussioun ëm de Modulaire. De Modulaire hu mer reservéiert fir de Préparatoire. De Modulaire war dee beschte System deen et gi ka fir am Préparatoire bei deene schwaachste Schüler zu engem gudde Resultat ze kommen. An d'Madame Brasseur huet de System vum Modulaire mutatis mutandis iwwerholl am Primaire, andeem se nämlech aus zwee Joer, éischt an zweet Schouljoer, dräi Joer gemaach huet. Och dat ass eng Form vu modularem Unterrecht.

Ech froen Iech, wann een elo logesch denkt, da misst et méiglech sinn, fir dee modulare System ze iwwerdroen an eise ganzen Enseignement? Wann Der bescheide sidd, da bis op Neuvième, bis op Cinquième, oder besser bis op Quatrième. A wann ee wierklech couragéiert ass, da baut een e System op wou de modularen Unterrecht duerch all Type d'enseignement geet, vu Septième zum Beispill bis op Première. Da bréngt Der et fäerdeg, datt dee beschte Schüler, déi Elite vun där neierdéngs esou vill geschwat gëtt, a sechs Joer d'Première huet an de Gros vun den Élèven, dee mécht d'Première dann a siwen oder aacht Joer. Dat wär eng Bildungsoffensiv déi Der maache kéint an dann hätt Der wierklech munches reforméiert am Lëtzebuerger Schoulsystem.

Als allerlescht nach e Wuert zur Integratioun. Mir haten an der LSAP en Owend wou iwwer Integratiounspolitik an Handicap diskutéiert ginn ass. Op deem Owend waren iwwer 100, 120 Leit. Et war eng Table ronde mat Leit déi net onbedéngt eppes mat der Partei ze dinn haten. An do war de Wonsch, datt d'Integratioun vu Kanner mat Handicap an der Schoul sollt organiséiert ginn. An d'Offer besteet, fir sech zesummen ze setzen, mat der Madame Minister a mat de Leit aus dem Ministère, dass dee Projet pilote Intégration orthopédagogique et Ediff net e Projet pilote bleift, mä datt een deen ausbaue kann am Intérêt net nëmme vun den Handicapéierten, mä och am Intérêt vun alle Partner an der Schoul déi munches kéinten do derbäi léieren.

Ech soen Iech villmools merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci Här Scheuer. D'Regierung huet elo d'Wuert. Madame Brasseur wann ech gelift.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Här President, Dir Dammen, Dir Häre, ech wëll uganks all deene villmools merci soen déi un dësem Débat deelgeholl hunn. An ech wëll och all den Intervenantë merci soe fir déi Sérénitéit an där dësen Débat sech ofgespillt huet. D'Schoul brauch nämlech Sérénitéit an et ass net a steriler Polemik wou mer Léisunge fir d'Schoul bréngen, wou mer d'Schoul vu muer virbereeden.

Ech wëllt och deene merci soen, déi am Virfeld vun dëser Debatt un den Hearingen deelgeholl hunn, déi am Virfeld vun dëser Debatt Aarbecht geleescht hunn, menge Mataarbechter am Ministère, mä och de Membere vun der Kommissioun. An do wëll ech virun allem der Presidentin vun der Kommissioun e grousse Merci soe fir déi Aarbecht déi se geleescht huet, mä och enger Partei, dat sinn déi Gréng, déi do konstruktiv Aarbecht gemaach hunn an - dat wëll ech hei rappeléieren - och wann ech mam Inhalt vun deem wat se gesot hunn net ëmmer d'accord sinn, mä si hu sech wierklech beméit konstruktiv Virschléi ze maachen.

Ech wëll hei net nach eng Kéier op all Facettë vun der PISA-Etüd agoen. Dat ass gemaach ginn an der Chamberskommissioun. Dat ass gemaach gi virun engem Joer an enger öffentlecher Debatt, an enger öffentlecher Duerstellung, déi am Conservatoire stattfonnt huet am groussen Auditoire, wou ganz vill Leit dobäi waren. Ech wëll och net nach eng Kéier soen, dass d'Duerchféierung hei zu Lëtzebuerg ënner anere Bedingunge stattfonnt huet, wat sécherlech d'Resultat net esou erschénge gelooss huet wéi et awer kéint sinn.

Et ass och wouer, dass ons Schoulpopulatioun net mam Ausland ze vergläichen ass. Et ass hei gesot ginn, et wier awer mat Deeler vu Regiounen ze vergläichen. Mir ginn hei an e Länndervergläich gesat, an et muss een zum Beispill soen, dass mir 34,5% Auslänner hunn. Finnland, well dat ëmmer zitéiert gëtt, huet 2% Auslänner an hirem Schoulsystem. Dann den Undeel vun den Elteren, an do ass eng Befroung gemaach ginn, wéi de Bildungsgrad vun den Elteren ass: An Däitschland gëtt uginn, dass 6% vun den Elteren net iwwert de Primärschoulsniveau erauskomm sinn. An der Belsch sinn et 9%, 18% a Finnland, mä bei eis sinn et 33%. Dat huet awer ze di mat der Zesummesetzung vun eiser Populatioun, an dass mer ganz vill - an dat ass net deene Leit hir Schold - op Immigratioun zréckgegraff hu mat Leit déi op Lëtzebuerg koumen, déi aus engem System komme wou se net d'Chance haten eng gewësse Bildung zu kréien.

M. le Président.- Entschëllegt, Madame Minister, den Här Scheuer huet vergiess eng Motioun ze deponéieren. E muss dat öffentlech maachen.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Merci, Här President. Ech wollt nach den Dépôt vun enger Motioun maachen. Si war mer ënnert d'Blieder gerutscht.

***Motion 12***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que les résultats de l'étude de PISA sont plus que décevants pour le Luxembourg;*

*- considérant qu'il faut procéder à une remise en question fondamentale des savoirs et compétences que l'école doit développer chez les enfants et les jeunes;*

*- considérant qu'une révision des programmes et des méthodes ainsi que l'organisation des cycles scolaires et des services d'accompagnement s'impose;*

*invite le Gouvernement*

*- à prévoir dans chaque établissement de l'enseignement secondaire des infrastructures pour assurer l'accueil et l'accompagnement des élèves hors des heures de classe;*

*- à assurer l'accompagnement des élèves par un personnel compétent et en nombre suffisant;*

*- à réformer l'organisation de l'enseignement secondaire de sorte à assurer une plus grande flexibilité et perméabilité des structures.*

*(s.) Jos Scheuer, Jean Asselborn, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Marc Zanussi.*

M. le Président.- Merci, Här Scheuer. Madame Minister, Dir hutt d'Wuert erëm.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Et gesäit een also, dass de Bildungsniveau vun de Kanner vun Heem aus ganz anescht ass, wéi dat am Ausland de Fall ass.

An de Fait och, dass mer méi Sprooche musse léieren, stellt besonnesch fir déi Kanner, déi scho Schwieregkeeten hunn, nach méi Problemer duer. Dat sinn awer alles Erklärungen, déi eis net däerfen dozou verleeden d'Aen zou ze maachen.

Bei der PISA-Etüd muss ee menger Meenung no dräi Punkten zréckhalen, déi ons awer erschrecken dinn. 14,5% vun de Kanner konnten net getest ginn, well se net de minimale Kompetenzniveau am Liesen hunn. Zweetens d'Schoul bréngt et net fäerdeg déi sozioekonomesch Differenzen auszegläichen. Drëttens hunn d'Schüler einfach Schwieregkeeten dat Wëssen, wat se hunn, ze applizéieren, an der Praxis unzewenden.

D'Etüd vun der OECD ass also eng wichteg Erkenntnis, mä se ass selbstverständlech net alles. Ech hunn et op dëser Tribün gesot an ech widderhuelen et och nach eng Kéier: Et geet elo net ëm Scholdzouweisung. D'Schoul ass eng Résultante vun der ganzer Gesellschaft. D'Schoul ass de Reflet vun der Gesellschaft. Et geet also elo net drëm mam Fanger op eng Kategorie ze weisen, fir ze soe wou déi schlecht Resultater hierkommen. Dat heescht et gëtt net dee Schëllegen, et gëtt och net deen een, deen d'Léisung erbäibréngt an et gëtt och net eng Léisung. Et kann ee grouss Theorien entwéckelen, mä et gëtt keng Wonnermëttel. De Professer Jürgen Baumert, deen ee vun de wëssenschaftleche Leeder vun der Etüd ass,...

M. le Président.- Ech géif d'Kolleege bieden, hir Diskussioune vläicht dobaussen ze féieren, awer der Madame Minister och elo nozelauschteren. Jiddfereen heibannen huet jiddferengem nogelauschtert, da loosse mer elo och der Madame Minister nolauschteren.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Ech verlaangen net, dass ee mir nolauschtert, mä awer dass ech mech ka konzentréieren a wann ech Niewegespréicher esou haart matkréien, dann ass dat relativ schwiereg. Merci fir Äert Verständnis.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Madame Minister, et ass bei eis jo wéi an der Schoul.

***(Hilarité)***

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Wat huet de Professer Jürgen Baumert, deen ee vun de wëssenschaftleche Leeder vun der Etüd ass an dee jo och hei an der Kommissioun ass, gesot? Ech zitéieren: „Ich fürchte mich am meisten vor den Personen, die jetzt genau wissen was zu tun ist." Ech mengen dat ass en Zitat wat mer eis gutt musse verhalen, vun engem dee wierklech Expär an där heiter Matière ass.

De Professer Rolf Dubs, dee Wirtschaftspädagog vun der Uni vu St Gallen ass a bei deem eng ganz Rei vu Schouldirekteren, Inspekteren a Leit aus dem Ministère eng Formation continue matgemaach hunn, huet an engem remarquablen Artikel an der Neue Zürcher Zeitung vum 5. Januar 2003 Folgendes geschriwwen: „Wie immer im Bildungswesen sind solche Ranglisten jedoch gefährlich, weil sie nur ein grobes Gesamtbild geben, das sich an wenig aussagekräftigen Mittelwerten orientiert und alle Voraussetzungen für Fehlinterpretationen schafft. Auf der einen Seite stehen die Vereinfacher, die meinen weil Finnland an der Spitze liege müssten die Wesensmerkmale des finnischen Bildungssystems in das eigene Land übernommen werden um rasche Verbesserungen im eigenen Bildungssystem zu erreichen.

So glauben beispielsweise Vertreter der deutschen Gesamtschule PISA hätte bewiesen, dass diese Schulgestaltungsform besser sei, weil Finnland ein weniger differenziertes Schulsystem hat, als einzelne deutschsprachige Länder. Hier liegt die grosse Gefahr von PISA. Viele Bildungspolitiker und Bildungspolitikerinnen ziehen aus einzelnen Ergebnissen der Studie lineare, kausale Schlüsse. Sie glauben man könne aus einzelnen Daten unmittelbare Zusammenhänge heraus lesen und erhalte aus den erfolgreichen Ländern gleich konkrete Hinweise dafür wie das eigene Schulsystem zu verändern sei. Solche Analogieschlüsse sind nicht nur gefährlich, sondern meistens falsch, weil sie den vielen kulturellen, demographischen, sozialen und bildungspolitischen Unterschieden in keiner Weise Rechnung tragen. Offensichtlich spielt auch die Umsetzung von Schulreformen eine bedeutende Rolle. Finnland arbeitet in kleinen Schritten, die es aber konsequent durchsetzt."

Domat gëtt et däitlech, dass een net kann ee Modell transplantéieren an en anert gesellschaftlecht Ëmfeld. Et kann een dat net an et ass souguer gefäierlech. Wann ech ons mat Finnland vergläichen: Finnland huet zum Beispill eng Lieskultur säit éiweg gehat. Wann e Finn op d'Welt kënnt, da kritt hien e Liesbuch geschenkt. Mir hu vläicht éischter Tendenz him e Spuerbuch ze schenken.

***(Hilarité)***

Une voix.- Dat ass richteg.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Schonn do gesäit ee kulturell Ënnerscheeder. Mir mussen also de schwierege Wee goen eis eege Konzepter ze entwéckelen a se Schrëtt fir Schrëtt och an der Praxis ëmsetzen. Et gëtt keng fäerdeg Léisung, mä et gëtt eng Rei vu konkrete, klengen, mä wichtege Schrëtt fir d'Schoul ze verbessere mat all hire Composanten.

Sécher spillen d'Strukturen dobäi eng Roll, mä et ass awer am Alldag an der Schoul wou den Hiewel muss ugesat ginn.

Une voix.- Très bien.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Mir mussen eng Schoul vun der Integratioun hunn an dofir musse mer am Précoce ufänken d'Integratioun ze développéieren andeem mer och op d'Sproochentwécklung setzen. Den Unterricht muss sech fir d'éischt och op dat Wesentlecht konzentréieren. Ech hunn dat Basics genannt, wat vill kritiséiert gëtt, mä den Jack Lang, fréiere sozialisteschen Unterrichtsminister a Frankräich schwätzt vu Retour aux sources oder de Luc Ferry, dee jëtzegen Unterrichtsminister a Frankräich, schwätzt vum Essentiel. Et ass also dora keen Ënnerscheed. Et ass just eng aner Terminologie.

***(Interruptions)***

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Kuckt emol am «Petit Larousse» no.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- De Laurent Fabius huet geschriwwen: „le plus important", dat war just virun de Wahlen, „lire, écrire, compter". Dat hunn ech zum Beispill am Monde gelies, ënnert der Handschrëft vum Laurent Fabius, en eminente Sozialist.

***(Brouhaha général)***

Et gëtt mir vu verschidde Säite virgeworf, meng Approche wier net wëssenschaftlech genuch. Ech sinn e Pragmatiker, dat ass richteg, a wann een ënner wëssenschaftlech mengt déi Dérivë vun der Pédagogie déi am Laf vun de Jorzéngte gemaach gi sinn, da sinn ech net fir d'Wëssenschaft, well dat huet näischt mat Pédagogie ze dinn, mä dat ass dat wat ech als Pédagogismes wéilt bezeechnen.

A mengen Aen ass et onsënneg iwwer Métacognitioun ze diskutéieren, ze schwätzen an ze probéieren dat ze definéieren, wa mer et net fäerdeg bréngen dass d'Kanner d'Einmaleins léieren, eng Règle de tri kënne maachen a richteg uwenden a wa mer et net fäerdeg bréngen dass d'Kanner net nëmmen en Text liese kënnen, mä och en Text verstinn. Et ass jo och do wou PISA ons gewisen huet, dass mer falsch leien.

Wann ech vu Basics schwätzen: liese, schreiwen a rechnen, dann ass dat net alles, mä ouni déi Basics ass awer all de Rescht wierklech net méiglech. Wann ech näischt weess, da kann ech kee Wëssen uwenden an net handelen. Ech kann och kee weidert Wëssen opbauen, well et ass keng Basis do. Dofir musse mir op der Basis de Kanner dat mat op de Wee gi wat se brauchen, fir dass se eng Allgemengbildung kënnen développéieren.

D'Allgemengbildung ze definéieren ass net evident. Et ginn e puer Aspekter, déi ech wëll eraus-gräifen. Fir mech muss d'Allgemengbildung eng Hëllef si fir Wichteges vu manner Wichtegem ze ënnerscheeden. D'Allgemengbildung muss och e Moossstaf si fir e sënnvollen, kriteschen Ëmgang mat den Informatioune kënnen ze maachen. D'Allgemengbildung muss och en Hannergrond duerstellen, fir dass een net d'Affer vu renge Modeerscheinunge gëtt, an d'Allegemengbildung muss als Norm dénge fir ethescht a verantwortlecht Handelen. Fir dëst ze erreeche muss een awer fir d'éischt all déi aner Grondfäegkeeten hunn, soss kënnt een net zu deem dote Schrëtt.

Leider gi mer awer ze vill oft iwwert d'Grondwëssen ewech a menge mir missten onse Kanner alles bäibréngen. Dass dat en iwwerflächleche Saupoudrage ass, dat ass heiansdo interessant, mécht och ganz oft Spaass, mä et bleift näischt sëtzen, d'Kanner behalen dat net an et ass duerno kee Fong do.

D'Schoul ass och kee Club Méditerranée, wou d'Enseignante GOe sinn oder Edu-Entertainer, wou se d'Kanner mussen dauernd bei Laun halen. An der Schoul ass et net anescht wéi beim Sport. Et gëtt sech en Zil gesat an da gëtt trainéiert, och haart trainéiert, well ouni dat geet et net fir dëst Zil ze erreechen. An deen dee gesäit dass hie Progrèsë mécht, kritt och ëmmer méi Freed drun: Freed un der Leeschtung, Freed un der Aarbecht, déi gutt a propper gemaach ass a Freed um Effort. Et ass dat, wat mer onse Kanner musse vermëttelen: Freed un der gudder Aarbecht a Freed um Effort.

Déi déi mer virwerfen dat wiere konservativ Wäerter, déi wësse genee dass déi Astellungen zur Aarbecht och an Zukunft wichteg sinn an ëmmer méi wichteg ginn. Et kënnt ëmmer méi op Prezisioun un, ëmmer méi mussen d'Leit bereet sinn nei Défien opzehuelen, sech fir nei Saachen opzemaachen, ëmmer méi musse se disponibel si fir Neies och nach derbäi ze léieren.

Et gëtt elo säit Méint gesot et géif um Terrain näischt geschéien, et géif sech an der Bildungspolitik näischt bewegen. Dat si Kritike vu Leit déi deelweis mat menger Approche net d'accord sinn, mä ech hunn awer, mat Ausnahm elo vun dem Ofschafe vun der drëtter Méiglechkeet an dem Koeffizient fir d'Relioun oder d'Morale laïque, nach keng vun deenen eenzelne Mesurë gesi wou ee carrément dogéint gaangen ass.

Et gëtt gefrot: Wou ass d'Bildungsoffensiv? Mä ech muss lech soen, si ass op alle Pläng amgaangen, mä et ass net dat spektakuläert wat an d'A muss stiechen. Et ass mir dru geleeën, dass dat an aller Rou geschitt, well wat d'Schoul nämlech brauch, dat ass Rou a Sérénitéit.

***(Interruptions)***

A mir mussen d'Enseignanten a Rou schaffe loossen.

***(Interruptions)***

Ech loosse mech, Här President, net duerchernee bréngen.

Une voix.- Den Här Boden genéisst dat.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- An ech ginn net mat op dee Wee, wou jorelaang iwwer spektakulär Projeten an Iddie gestridde ginn ass, déi finalement ni zur Realisatioun kommen. Mä et ass am deeglechen, am praktéschen, wou mer mussen e Schrëtt virugoen.

Mir brauchen och an der Schoul nieft der Rou Konstanz, an dat sinn e puer kloer Iddien an Aktiounen, no deenen d'Leit sech kënne riichten. An dofir wëll ech, Här President, vun dëser Geleeënheet profitéiere fir eng Rei Aktiounen opzezielen, déi ausgeschafft gi sinn, jo déi schonn ausgeschafft goufen éier d'PISA-Resultat do wor. Ech hunn nämlech net op d'PISA-Resultat gewaart, an do ginn ech der Madame Durdu Recht, fir festzestellen, dass munch Défizienzen do wieren, mä do ass schonn u Programmer geschafft ginn. An ech géing lech dann och eng Rei vun deenen Dokumenter wëllen iwwerreechen.

Dat si kleng Schrëtt, mä dat si konkret Schrëtt déi wichteg sinn, well et ass um Terrain wou een de Kanner eppes muss bäibréngen, et ass bestëmmt net an der Debatt hei an der Chamber.

Ech leeën an der Educatioun Wäert drop, dass ganz ënnen ugefaange gëtt. Dat heescht bei deene klenge Kanner, well et ass an deenen éischte Jore wou sech d'Fundament mécht. Wann dat wat se do mat op de Wee kréien net genuch gefestegt ass, da leide se hiert ganzt Liewen dorënner. D'Kanner mussen also Grondwësse vermëttelt kréien, si musse léieren ze verstoen, si mussen dann och léieren dat Wësse praktesch unzewenden. Dat sinn déi Haaptpunkten, déi d'PISA-Etüd als Schwächten och opgeworf huet.

Wat geschitt an deenen eenzelen Ordres d'enseignement? Am Précoce? D'Zuel vun de Klassen huet elo permanent zougeholl an am Moment profitéiere 56% vun deenen 3-jährege vun där Offer. Déi Offer soll och ëmmer fir d'Kanner fakultativ bleiwen, well d'Eltere mussen de Choix hunn ob d'Kanner solle mat dräi Joer ageschoult ginn. Mä d'Gemenge misste bis 2005 prett sinn. An ech bedaueren et, genee wéi aner Leit, dass verschidde Gemengen, besonnesch grouss Gemengen, déi Offer nach net hunn; wéi beispillsweis d'Gemeng Esch.

Fir dass de Précoce net eng einfach Garderie ass, mä dass och mat de Kanner geziilt geschafft gëtt, ouni dass et awer eng richteg Schoul ass, hu mer e Plan cadre

ausgeschafft, dee säit der Rentrée 2000 applizéiert gëtt, an ech iwwerreechen Iech deen.

Am Préscolaire ass et enorm wichteg, dass mer d'Sproochentwécklung vun de Kanner förderen. Fir d'auslännesch Kanner, mä och fir d'Lëtzebuerger Kanner, wou mer leider hu misse feststellen, dass bei enger Partie d'Sproochentwécklung hannendran ass, well net méi mat de Kanner geschwat gëtt. An dofir ass eng ganz Partie vun didakteschem Material ausgeschafft ginn, zum Beispill een CD-Rom, de „Klick mam Nick", wou ee systematesch och Lëtzebuergesch ka léieren.

Une voix.- Dat ass mer awer nei.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Den Här Bettendorf, dee kuckt esou. Den Niki Bettendorf kann dann och de „Klick mam Nick" ganz gäre kucken.

Et ass och wichteg, dass an der Schoul Verhalensregele geléiert ginn. A wéi ech vun deene fënnef Wierder geschwat hunn, dunn ass dat an d'Lächerlecht gezu ginn. Ech wier frou wann ech iwwerhaapt net misst iwwert déi fënnef Wierder moien, äddi, merci, pardon a wann ech gelift schwätzen. Mä et ass leider esou, dass et eng Rei vu Kanner ginn déi dee Bagage net mat op de Wee kréien.

***(Brouhaha général)***

An et si just déi Kanner, déi duerno am meeschte Schwieregkeeten hunn. Dofir mäin Opruff: D'Schoul kann net alles maachen, dofir hunn ech gesot, et wier wënschenswäert wa se déi fënnef Wierder géinge kennen. Mä an der Schoul mussen déi och geléiert an dauernd geübt ginn, dass dat net eppes ass wat iwwerflësseg ass, au contraire.

Virun allem mussen d'Kanner och mierken, dass d'Schoul mat den Elteren zesumme schafft. An dofir hunn ech mech och bei der Rentrée mat engem Schreiwes un d'Eltere gewannt, fir déi Kanner déi an d'éischt Schouljoer ginn, an do steet expressis verbis - Madame Delvaux - am Text dran, wann et Schwieregkeete gi sollen d'Eltere sech un d'Léierpersonal wenden. Dat steet effektiv an deem Bréif dran.

Am Primaire, muss ech soen, dass all Kand Liesen, Schreiwen a Rechne muss léieren, well soss d'Missioun vun der Schoul net erreecht gëtt. An allerdéngs gesäit een, dass eng Partie vun auslännesche Kanner d'Wierder emol net richteg an hirem Kontext verstinn. An dofir hu mer eng nei Method vun der Alphabetiséierung ausgeschafft. Et ass net dass et do verschidde Fibele ginn, et ass eng Fibel wou mer a Formations continues, fir d'éischt op fräiwëlleger Basis, mat den Enseignantë geschafft hunn. Et war fir d'éischt een Drëttel vun den Enseignantë vun den Éischtklässler déi matgemaach hunn, dëst Joer sinn et zwee Drëttel, a vum nächste Joer u gëtt et dann obligatoire.

Déi Leit kréien eng Formation continue, et gëtt dauernd évaluéiert wéi se mat deem Material schaffen, an da fuere mer domat virun. Wéi ech an de Ministère koum, ass do 20 Joer laang mam Simsalabim ënnerriicht ginn. Et woren Enseignanten net méi zefridden an du gouf et och Enseignantë wou jiddferee seng Method erausgesicht huet. Dat kann awer net an eisem Schoulwiesen dat richtegt sinn, well mir mussen awer eppes hu wou d'Kanner komparabel Approchen zum Liese léieren. An den Avantage bei där neier Fibel, Här President, ass och deen dass Däitsch als Sprooch strukturéiert geléiert gëtt. Wat bis elo hei zu Lëtzebuerg nach net de Fall wor, an hei ginn ech Iech ganz gären déi Fibel.

***(Brouhaha général)***

Dann am zweete Schouljoer. De Simsalabim hat virgesinn, dass do och e Liesbuch kéim. Do ass ni e Liesbuch ausgeschafft ginn. Ech weess net firwat, mä et koum kee Liesbuch. Mir hunn elo e Liesbuch ausgeschafft wou et net nëmmen drëm geet, dass d'Kanner solle Geschichte liesen, mä wou et och ëm Textverständnis geet, wat iwwerpréift gëtt - ee vun deene Problemer, déi mer bei PISA entdeckt hunn -, an dat gëtt elo mam zweete Schouljoersbuch gemaach.

Allgemeng muss d'Freed um Liesen ënnerstëtzt ginn, well an der Schoul kann een hinnen d'Instrument ginn an d'Kanner incitéiere fir ze liesen, mä säi Wësse kann een nëmme verfeineren, vervollstännegen, an d'Sprooch och entwéckelen, wann ee vill liest. An do ginn et eng ganz Rei vun Initiativen, privater, an de Schoulen, an de Klasse selwer. Et ass och zum Beispill eng Broschür ausgeschafft ginn, Här President, „Bücher gibt's nicht zur Weihnachtszeit", fir den Elteren ze soe welch Bicher ee kéint fir kleng Kanner iwwerreechen. Mir hunn och vum Ministère de l'Education nationale Lieszeechen erausgi mat dem Slogan drop „Lies emol e Buch". Mä dat soll sech net nëmmen u Kanner an u Schüler adresséieren, mä och un eis selwer. Hei ass d'Liesbuch.

***(Brouhaha général)***

Une voix.- Un d'Deputéierten.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Un d'Deputéierten zum Beispill.

Fir d'Kanner déi Schwieregkeeten hunn - an do ass hei schonn driwwer geschwat ginn - schreiwen a rechnen ze léiere besteet d'Méiglechkeet, déi zwee éischt Joer mat engem Cycle d'apprentissage an dräi Joer ze maachen. An do sinn iwwer 30 Gemengen, déi entretemps do matmaachen. Och dat ass eppes wou d'Personal muss forméiert ginn, wou ee muss matmaachen. Dat Imposéiere bei Enseignanten déi net esou gutt kéinte matenee schaffen, do zéien dann d'Kanner de kierzeren. Dofir hunn ech léiwer mir bauen dat mat de Leit um Terrain selwer op.

Dann hu mer och am Primaire Wäert drop geluecht, dass d'Kanner regelméisseg musse fir d'Schoul schaffen. An do, Här President, wëll ech ee Wuert zu den Hausaufgabe soen. Et sinn der jo déi soen, d'Kanner däerfte keng Hausaufgab operluecht kréien. Wat hu mer dann erreecht? Déi Kanner, wou d'Elteren awer doheem mat hinne schaffen, well et kann ee jo awer kengem dat verbidden, déi maachen nawell Exercicen. An déi aner wou d'Elteren dat als net esou wichteg gesinn, well se dat och net kënnen als wichteg gesinn, déi Kanner maachen näischt.

Gëtt dann de Gruef tëschent deenen zwee méi kleng? Neen, e gëtt méi grouss. Dofir sollen an de Schoulen Hausaufgabe preparéiert ginn, d'Kanner musse se doheem an engem raisonnabelen Délai maachen, ouni d'Hëllef vun den Elteren. Vun den Eltere froen ech awer eppes, an zwar dass si kucken dass d'Hausaufgaben effektiv gemaach sinn. D'Eltere musse sech och fir dat interesséiere wat an der Schoul geschitt. An et ass dann un der Schoul fir d'Hausaufgaben ze kontrolléieren.

Am Fall wou Schwieregkeeten optrieden hunn ech och den Eltere recommandéiert - an dat steet och an där Broschür, déi ech u se gemaach hunn -, wann d'Kanner hir Hausaufgaben net eleng fäerdeg bréngen, dass se sech sollen un d'Enseignantë wenden. Et kann een dat nämlech nëmmen zesumme maachen. Ouni Widderhuelung gëtt et keen Apprentissage. An dofir mussen doheem Hausaufgabe gemaach ginn.

Am Primaire gëtt virun allem am Ufank vun all Schouljoer d'eegestännegt Léieren ënnerriicht. De Kanner gëtt gewise wéi een eegestänneg léiert, an dat steet och an der Circulaire de printemps. Et ass eng Technik déi een duerno d'ganzt Liewe muss kënnen uwenden.

Wat d'Franséischt ubelaangt, Här President, do maachen ech mer wierklech eescht Suergen. Menger Meenung no muss an den Enseignement vum Franséische vun der Primärschoul u méi Systematik erakommen an dofir mussen och erëm Vokabelen an der Iwwersetzung geléiert ginn. Deemnächst wäert ech och e Vokabelsbuch presentéieren. Hei ass eng Publikatioun iwwert d'Franséischt an der Primärschoul dat ech Iech iwwerreechen.

All déi Mesurë gi vu verschiddene Leit belächelt, mä ech muss Iech soen, Här President, ech sinn iwwerzeegt dass et déi richteg sinn, soss géif ech mech selbstverständlech net esou beméien. Ech iwwerloossen dann all Mënsch d'Appréciatioun doriwwer ob en dat gutt fënnt oder net.

Verschidde Programmer si menger Meenung no iwwerlueden, an do besteet jo Unanimitéit an der Feststellung hei, a mir hunn an der Primärschoul d'Programmer schonn nogekuckt, wéi beispillsweis deen an der Geschicht, wou de Volume reduzéiert ginn ass.

Et ass vill iwwert d'Evaluatioun geschwat ginn. D''Evaluatioun bleift, esou laang ech d'Responsabilitéit hunn, bei deem bestehende Muster. Dat heescht, dass mer bis 60 Punkte ginn. Dat ass eppes un dat mer gewinnt sinn, wéi mer solle virgoen. Niewent deem Punkte-gi bis 60 soll et awer vill méi differenzéiert an Zukunft gehandhaabt ginn, fir dass d'Elteren och méi kënne gesinn an a Kontakt mat der Schoul trieden, fir ze kucke wéi d'Progrèsë vun hire Kanner sinn, an dofir ass en neie Livret scolaire ausgeschafft ginn, deen dëst Joer vun den Enseignantë kann ugewannt ginn op fräiwëlleger Basis. Mir kréien da Feedback vun hinnen. Et sinn och Aarbechtsgruppe fir dat ze begleeden am Kader vum SCRIPT. Da gi Konklusioune gezu fir dat dann d'nächst Joer definitiv anzeféieren.

Dann ass hei geschwat gi vun Epreuves communes, fir de Schüler an den Enseignanten et ze erméigleche fir ze kucke wou den Niveau vun hire Kanner par rapport zu deenen aneren ass. Et sinn Epreuves communes ausgeschafft ginn déi fakultativ am zweeten an am véierte Schouljoer kënnen duerchgeféiert ginn. Ech sinn der Meenung, dass een do beim Fakultative soll bleiwen, well heiansdo sinn d'Klassen esou heterogen, dass et schwiereg ass Vergläicher ze maachen. Dofir kann ech net domat d'accord sinn, déi elo obligatoresch anzeféieren am zweeten an am véierte Schouljoer.

Mä et ass net nëmmen de Contenu dee wichteg ass. Et ass och d'Betreiung ronderëm d'Schoul. An déi Strukture gi vun de Gemengen organiséiert an dat steet ënnert der Tutelle vum Familljeministère, well deen eppes dovunner kennt. Schoul halen ass net Kannerbetreiung. Hei gëtt gesot Kannerbetreiung, dat wier einfach Zäit verluer. Mä d'Kanner mussen och emol Zäit hu fir ze ootmen an déi Betreiungsstrukturen, déi vun de Gemengen en place gesat ginn, si Betreiungsstrukture wou d'Kanner solle gehollef kréie sech ze entwéckelen. Dat ass wuel wichteg, mä et däerf awer net alles an der Schoul a mat der Schoul geschéien. Ech mengen, dass dat eng gutt Kompetenzopdeelung ass.

Am Moment ginn et 37 Gemengen déi Schoulkantinen hunn. An 19 Gemenge fonctionnéiert e Service d'accueil, wou een awer, wann ech d'Stad Lëtzebuerg huelen, well vill Quartiere betraff sinn, wäit iwwert déi Zuel eraus kënnt. An 33 Gemenge gëtt et Ganzdagsfoyeren.

Ronn d'Halschent vun de Gemengen offréieren och Hausaufgabenhëllef.

Wat de Personnel enseignant ubelaangt, ass et wouer dass mer do eng Pénurie hunn, mä Gott sei Dank konnte mer besser rekrutéieren an deene leschte Joren u qualifizéiertem Personal, mä de Problem ass net geléist. Mir hunn awer elo 13,6% méi Personnel enseignant breveté wéi dat nach virun dräi Joer de Fall wor.

D'Zuel vun den Aschreiwungen an d'Coursë vun der Formation continue, op déi zu Recht hei gepocht ginn ass, ass enorm héich. Mir hunn, Primaire a Postprimaire zesummen, ronn 6.700 brevetéiert Enseignanten. Do hate mer 4.575 Aschreiwungen. Dat mécht en Taux de participation vun 68% aus. Et ass richteg, dass mer dat scho vill méi strukturéiert hu wéi dat am Ufank wor an dass net jiddferee sengem Dada kann nogoen an der Formation continue. Mir wäerten och verstäerkt am Kader vun der Autonomie vun de Secondaire- an de Secondaire technique-Gebaier dozou iwwergoen dass d'Schoule selwer kënne Formation continue fir hir Enseignantë maachen, well dat da méi deene Besoinen entsprécht déi an där Schoul sinn.

A wat d'musesch Fächer ubelaangt, do muss ech soen dass besonnesch an der Circulaire de printemps - an ech ginn dovunner aus, dass den Här Scheuer als Buergermeeschter déi jo awer gelies huet - steet, dass besonnesch am Primaire dëst Joer e Gewiicht geluegt gëtt op d'Musekserzéiung. An der Musekserzéiung geschitt ganz vill an ech leeën och Wäert op de Sport.

Une voix.- Déi Impressioun hunn eis Sportsproffen awer net.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Éischtens si mer hei an der Primärschoul, an de Sport resüméiert sech net nëmmen an der Zuel vu Stonnen déi gehale gi sinn, mä an enger Gesamtattitude.

Ech wor op engem Kongress, Här Krecké, vun der UNESCO iwwert de Sport an do hunn ech gesot d'Kanner misste sech och méi beweegen, et kënnt ee sech e Périmètre de protection ronderëm d'Schoule virstellen, dass ee méi misst zu Fouss goen, well och dat géif scho munche Kanner hëllefen. Du huet e Vertrieder aus dem Butan gesot, hire Problem wier e ganz aneren. Do wieren d'Kanner scho midd wa se an d'Schoul kommen, well si schonn zwou Stonnen ënnerwee sinn. Ech hunn dann awer léiwer ons Problemer wéi hir.

***(Interruptions diverses)***

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Dat sinn déi kleng Schrëtt.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Eng Schoul fir all Kand, Här President, ass awer net nëmmen nei Bicher, nei Methoden, mä eng Schoul fir all Kand ass eng Schoul wou sech ëm all eenzelt Kand och gekëmmert gëtt. Et ass do wou mer den Hiewel och mussen usetzen. Dat kann een net dekretéieren. Dat muss een um Terrain maache mat de Leit. Zum Beispill fir de Leit ze hëllefe wann hir Kanner Schwieregkeeten hunn, fir net vun engem Service zum aneren ze lafen, hu mer duerch d'Gesetz vum 30. Juli 2002 Bureaux régionaux geschaaft. Déi fonctionnéieren awer nach net iwwerall, well et geet net duer hei e Gesetz ze stëmmen an dann ze mengen am September géing et scho lafen.

Mir hu säit dem September méi Inspekteren; Büroe musse mer jo eréischt ariichten. Et gëtt Prozedure beim Stat, wéi déi Bureaux régionaux agedeelt sinn a wou d'Centres sinn. Dat ass op enger Kaart uginn, déi ech och ganz gären hei iwwerreechen. Mir hunn also eng Plaz wou den Inspektorat, d'Commission médico-psycho-pédagogique an d'Services de guidance zesummen ze fanne sinn.

Wat d'Kanner ubelaangt déi Léierschwieregkeeten hunn, do muss ee sech wierklech Suerge maachen, well et sinn der vill. Do ass an deenen zwee leschte Jore besonnesch Wäert op d'Formation continue vun den Enseignantë gehale ginn. 5% vun de Kanner hunn den ADS-Syndrom, en Opmierksamkeetsdefizit. Deene Kanner muss speziell gehollef ginn. Et ass ganz schwéier do en Diagnostique ze maachen. Fir do der Formatioun ze hëllefen, d'Enseignanten an d'Elteren ze ënnerstëtzen, hu mer zesumme mat Spezialisten en CD-Rom iwwer „ADS in der Schule" entwéckelt.

An der Education différenciée, do probéiere mer méi a méi Integratiounsklassen ze schafen. Et ass gefrot gi wéi d'Evaluatioun wär. Ech hat mat Ärer Chamberskommissioun, Här President, zesumme Visiten organiséiert an de Centres d'éducation différenciée. Leider war d'Oppositioun net do, mat Ausnahm zu Iechternach. Do war den Här Scheuer als Buergermeeschter vun der Gemeng present. Ech bedaueren also, dass d'Oppositioun net vun der Offer profitéiert huet fir an déi Centres kucken ze goen. Wat versti mer ënner Centre intégré? Dat ass, dass mer d'Centres d'éducation différenciée bei d'Primärschoule setzen, wéi dat zu Iechternach an zu Réiser de Fall ass, a wéi mer dat och elo zu Betzder zesumme mat der Gemeng plangen. Dat waren e puer Punkten zum Primaire. Elo zum Post-primaire.

Am Post-primaire musse mer wierklech géint den Echec scolaire virgoen. An och do: Fir géint den Echec scolaire virzegoe musse mer d'Kanner vun Ufank un ënnerstëtzen a méi eng Prise en charge vun de Kanner maachen. Dat heescht, och do muss sech ëm d'Kanner gekëmmert ginn. An dat geschitt doduerch dass éischtens de Kontakt mat den Eltere vill méi intensiv gesicht a gemaach gëtt. De Carnet de liaison, dee viru Joren ausgeschafft ginn ass, ass awer ni esou applizéiert ginn. Dat ass wou d'Schoul schrëftlech den Eltere kann eppes matdeelen. Et ass e Carnet dee ganz gutt gemaach ass. Dee muss erëm intensiv applizéiert ginn. Dat gouf et fir de Secondaire technique. Dat hu mer och fir den Enseignement secondaire vun dëser Rentrée un développéiert. Donieft musse vu Septième un d'Kanner encadréiert ginn duerch eng Aart Tutorat, wat an deene meeschte Schoulen och leeft.

Elo zur Evaluatioun. Zur Evaluatioun hunn ech scho beim Primaire driwwer geschwat. An do ass et richteg, dass mer zu méi enger differenzéierter Beschreiwung och vun de Schüler musse kommen. Et gëtt verschidde Schoulétablissementer, déi dat scho maachen. Si kënnen dat maachen, an ech encouragéiere se och. D'Note-seuil ass vu 25 op 27 eropgehuewe ginn. Do ass net vill dobaussen driwwer geschwat ginn. Et gëtt gesot, et geschitt näischt. D'Kompenséieren huet zu Abüe geféiert. Déi Abüen hunn ech probéiert opzefänken andeem d'Note-seuil gehéicht ginn ass an och dass een en Haaptfach net méi ka kompenséieren. Dat ass duerch de Règlement grand-ducal vum 30. Dezember 2001 geschitt an ass säit der leschter Rentrée applizéiert ginn.

Iwwert d'Evaluatioun gouf et esou eng Instruktioun vun 1977. Déi ass nach vum deemolege Statssekretär, dem Här Linster. Déi ass ni

adaptéiert ginn. Ech hunn déi adaptéiert, Här President. Ech hunn lech déi och matbruecht. Doran ass virgesinn, dass dat méi konstant Schaffen, dat méi regelméissegt Schaffen och soll uerdentlech évaluéiert ginn. Dozou gehéieren natierlech d'Hausaufgaben, genee wéi am Primaire och.

Fir Neuvième a Cinquième sinn d'Epreuves communes ageféiert ginn. An do si se obligatoresch. Zejoer op der Neuvième, elo gi se och op Cinquième ageféiert, an zwar ginn déi Enn Februar, uganks Mäerz duerchgeféiert, fir de Schoulen et ze erlabe fir ze kucke wou se do stinn. Mir maache keng national Hitparade, well do besteet déi Gefor, déi och bei där internationaler Hitparade besteet. Ech weisen do nach eng Kéier op d'Aussoe vum Här Dubs hin, déi ech virdru virgelies hunn. Mir wëllen de Schoulen et erméigleche fir ze kucken, dass se kënne feststelle wou hir Elève stinn.

Déi Schüler déi op Septième erakommen an déi eng Datz hu well se eng Lacune hunn nom éischten Trimester, an engem oder méi Haaptfächer, déi kréien den Appui obligatoire am zweeten Trimester. Dat ass elo ugelaf. Dat gëtt selbstverständlech och évaluéiert fir ze kucken ob dat de richtege Wee ass. Well d'Schüler déi eng Lacune hunn, déi muss ee jo geziilt ënnerstëtzen, an dat kann net exklusiv während dem Unterricht stattfannen.

Wat de Recrutement vum Personnel enseignant ubelaangt, sou muss ech soen dass mer och do Progrèsë gemaach hunn am Recrutement vum Secondaire a vum Secondaire technique. Mir hunn a verschiddene Fächer nach ëmmer Pénurie, mä mir hunn an anere Fächer ze vill Kandidaten, wéi beispillsweis an der Biologie oder an der Geschicht, mä mir hunn insgesamt besser rekrutéiert. Dat ass och dodrop zréckzefëieren, well mer eng zweet Sessioun ageféiert hu fir ze rekrutéieren, déi am Februar gemaach gëtt. An och dat huet positiv Resultater bruecht.

Elo méi spezifesch am Secondaire technique e puer Punkten, déi ech wëll erausgräifen. Do wëll ech mam Préparatoire ufänken. De Préparatoire ass als Système modulaire opgebaut ginn an et gëtt mer elo gesot, ech wéilt deen ofschafen oder ghettoiséieren. Mir hu leider misse feststellen, dass et Kanner gëtt déi am Système modulaire einfach net matkommen. An dat sinn déi Kanner, déi dann op Sankt Vith gaange sinn an deenen do gehollef ginn ass.

Une voix.- A gutt gehollef!

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Ech hu mer d'Fro gestallt: Wat maache se zu Sankt Vith wat mir net maachen? Dofir sinn ech dohinner kucke gaangen. A wat maachen déi? Déi huelen déi Kanner déi wierklech extrem Schwieregkeeten hunn an eng Klass. Well wat ass den Désavantage beim Système modulaire? Beim Système modulaire hunn d'Kanner kee Klasseverband a si hu keng Referenzpersoun. An dat si besonnesch déi Kanner, déi doheem schonn oft net eng Referenzpersoun hunn, déi doheem oft net ee Raum hu mat deem se sech kënnen identifizéieren. An och déi Klasse ginn évaluéiert. Ech war dat kucken an ech muss lech soen, et war do eng Classe à enseignement fondamental vu Kanner déi net méi schoulflichteg sinn. Déi hu mech gefrot, däerfe mer d'nächst Joer erëmkommen? Dat wäerten ech als Succès fir déi Kanner déi déi gréisste Schwieregkeeten hunn an déi gären an d'Schoul ginn.

En anere Gradmesser ass och den Absentéisme scolaire. An deene Klassen ass e ganz niddreg, well d'Kanner freeë sech drop fir an engem Grupp zesummen ze sinn. An dat ass den Avantage wann een där Formatiounen huet. Mir hunn och do e Plan-cadre fir déi Klassen ausgeschafft, well bis elo war et esou dass déi Kanner da kee Choix haten an eng Partie vun hinnen hu missen an d'Ausland goen. Elo kënne mer hinnen hei awer, Gott sei Dank, dat mat op de Wee gi wat se brauchen.

Mir haten hei, Här President, eng Debatt iwwert d'Integratioun vun den Auslännerkanner. Mir hunn eng Motioun ugeholl vu 24 Punkten. Do war ee Punkt dran, dass d'Formatioune sollen op Franséisch ugebuede ginn. Där Formatioune gëtt et eng Rei an der Beruffsausbildung a mir hunn elo e Règlement grand-ducal an Ausaarbechtung fir de Régime du technicien an de Régime technique och an de Sproochen ze moduléieren.

D'Erléiere vun der Sprooch ass nämlech fir eis Schüler all en Atout. Et däerf awer net fir eng Rei vun hinnen en Obstacle gi fir iwwerhaapt zu engem Ofschloss ze kommen. A fir déi ass dat esou geduecht. Dat gëllt selbstverständlech awer net fir de Secondaire. Ech hat och Elterevertrieder bei mir déi gesot hunn, mir missten de Kanner et erméiglechen ouni Franséisch de Secondaire ze maachen, oder als Niewefach. Dat geet awer net an engem Land wou Franséisch d'Sprooch vun der Administratioun ass, d'Sprooch vun der Juridictioun. Menger Meenung no leeschte mer do de Kanner keen Déngscht an ons selwer och keen, esou dass mer am Secondaire mussen op en héije Sproochenniveau pochen, mä am Secondaire technique musse mer d'Sprooche moduléieren.

Am Secondaire technique ass beispillsweis eng nei Divisioun ageféiert ginn, fir dass een en Ofschloss ka maachen am Kader vun der Technique générale an der Informatik, well et wichteg ass dass mer och do Leit ausbilden. Wat d'Beruffsausbildung ubelaangt, esou sinn eng ganz Partie Formatiounen dobäi komm, wéi zum Beispill d'Aide en pharmacie, de Bauschlässer, de Fachinformatiker. Och do huet sech eppes gedoen.

D'Zuel vun den CATPen am Handwierk, déi stagnéiert am Moment, wat wierklech bedauerlech ass. Mä d'Zuel vun den CATPen - an dat ass erfreelech, an et soll een och déi positiv Punkte ervirhiewen - an der Industrie, am Commerce an an der Hôtellerie geet insgesamt an d'Luucht. Ech nennen lech do just zwou Zuelen: 1999 waren et der 387 déi en CATP kruten, am Joer 2002 waren et der 516. Dat mécht eng Progressioun vun 33% aus.

Dat ass awer e positiivt Zeechen, wat ech hei wollt ervirsträichen.

Wat de Secondaire ubelaangt wëll ech soen, dass mir jo d'Gesetz gestëmmt hunn iwwert d'Division supérieure, an déi Reform huet elo op Quatrième ugefaangen. Do si scho Programmer reforméiert ginn an duerno kënnt et dann op d'Troisième.

Fir de Secondaire wëll ech soen, dass mir eng Enquête gemaach hunn an et ass gefrot gi mir solle kucke wat d'Schüler no der Première géife maachen. Déi Enquête ass amgaangen. De Schlussbericht ass amgaange gemaach ze ginn. Do gëtt et eppes, wat am Ausland Studienabbrechquote heescht (SAQ). Dat wëllt soe wéi vill Schüler vun deenen, déi op Première erauskommen, an enger éischter Zäit hir Studien ofbriechen. Déi Quot läit a Frankräich an an Éisterräich bei 41%, a België bei 40%, an der Schwäiz bei 27% an zu Lëtzebuerg bei 10%. Dat heescht also, dass ons Schüler, déi et fäerdeg bréngen op der Première erauszekomme mat engem Premièresdiplom, géintiwwer deem wat gesot gëtt, gutt op d'Universitéit virbereet sinn, well mir do manner Leit hunn déi hir Studien ofbriechen. Dat schwätzt fir de Secondaire.

„Et sinn der och vill manner" gëtt gesot, mä wat notzt et ons 80% Bachelieren ze hu wéi se a Frankräich wollten dru kommen, wann déi et iwwerhaapt net fäerdeg bréngen Etudes universitaires ze maachen. Dat si Frustratiounen. Dat ass dene Jonken eppes virgegaukelt, wat se awer net kënnen erreechen. Ech hunn da léiwer dass mir d'Schüler gutt drop preparéieren an dass se dat da kënne maachen.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Madame Minister, déi aner Länner hunn awer trotzdeem vill méi héich Zuele vun Universitéitsofschlëss.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Well insgesamt hir Populatiounsconfiguratioun eng aner ass, well se manner Immigratioun hunn.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ah, tiens!

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Ma jo - ech hunn dat am Ufank gesot - d'Eltere vun 33% vun de Kanner hunn net méi wéi de Primärofschloss. Dat sinn awer keng Lëtzebuerger Kanner. Et kann een also net déi Schlëss esou zéien. Et wier interessant ze kucken, wann een d'Populatioun insgesamt hélt, wéi vill Kanner, déi duerch de Lëtzebuerger Schoulsystem ginn, net nëmme Lëtzebuerger, dono zu engem Ofschloss kommen. Dann huet een, wann een dann herno just déi Populatioun hélt, eng Vergläichsméiglechkeet.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Huet PISA dat net gemaach?

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- PISA test déi 15-jähreg Kanner an do si mir nach wäit vun der Universitéit ewech.

Dëst sinn nëmmen e puer Punkten, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, vun enger ganzer Rei vu Moossnamen déi amgaange sinn ëmgesat ze ginn oder déi ëmgesat ginn. Et ass nämlech um Terrain wou et sech mécht an net a groussen Debatten. Am Beräich vun den Technologien - do ass haut net driwwer geschwat ginn, well jiddferee seet do leeft jo alles gutt - ass beispillsweis e Portail d'entrée fir all déi Interesséiert un der Schoul geschafe ginn, „my School!", deen excellent ass an deen ech lech gären iwwerreechen.

Mir haten ee Problem, mir haten net genuch Données statistiques iwwert d'Lëtzebuerger Schoul. Mir konnten och d'Carrière vun de Schüler net verfollegen, well d'Gesetz iwwert d'Protection nominative des données ons dat net erlaabt huet. Dofir hu mer awer e Règlement grand-ducal geholl, deen ons elo déi Etüden erlaabt fir d'Kanner am Eenzelnen ze kucken. Dofir hu mir et och elo emol fäerdeg bruecht an engem éischte Jet, mä et ass net komplett, d'Chiffres-clés vun der Education nationale ze publizéieren.

Weider hunn ech an deene leschte Wochen am Ministère en Observatoire statistique geschafen deen och d'Qualitéit vum Enseignement soll mat préifen, wou och Leit vun anere Ministèrë mat dobäi sinn. Dës konkret Schrëtt konnten nëmmen dank dem Asaz gemaach gi vu ganz ville Leit um Terrain a vun Enseignanten déi all Dag um Terrain schaffen an oft ënner schwierege Bedingungen dat maachen.

Et ginn nach eng Rei Punkte wou ech net esou virukomme wéi ech mir dat géif wënschen. Dat sinn effektiv d'Programmen, mä ech hunn de Programmkommissiounen elo vun der leschter Rentrée u méi Moyenë gi fir d'Haaptfächer. Et sinn och Fächer wéi beispillsweis d'Chimie, do geschitt enorm vill. Den nächsten Dënschdeg gëtt do en neie Chimiesprogramm fir de Secondaire virgestallt. Ech muss lech soen, et ass formidabel wat do virgestallt gëtt. Mä allgemeng sinn ons Programmen nach ëmmer ze vill iwwerlueden. Virun allem iwwerlaaschte mir ons Kanner mat Faktewëssen a si hunn net genuch Zäit dann ze kucke wéi een dat Wëssen applizéiert. Och komme mir, wat d'Infrastrukturen ubelaangt, net esou viru wéi ech mir dat géif wënschen.

Et ass also weider mat vill Aarbecht ze rechnen an ech maachen déi Aarbecht och weider mat Gedold, dat ass wouer, awer och mat Determinatioun. De Konfuzius huet gesot: „Wer in seinem Staate Ordnung schaffen will, der gehe in seine Stadt. Wer in seiner Stadt Ordnung schaffen will, der gehe in seine Straße. Wer in seiner Straße Ordnung schaffen will, der gehe in sein Haus. Dort beginne er Ordnung zu schaffen." Genee dat sinn ech amgaange säit Méint a Joren ze maachen. Ech hunn eben eng Partie Mesuren an d'Weeër geleet fir dass sech ëm d'Kanner gekëmmert gëtt a fir dass d'Schoul méi gerecht gëtt.

Ech mengen, dass een awer nieft där alldeeglecher Aarbecht, déi wichteg ass, och muss an d'Zukunft kucken. Duerfir hunn ech Orientatiounsdokumenter ausschaffe gelooss am Ministère iwwer folgend Sujeten. Mir brauchen en allgemengt Schoulgesetz hei zu Lëtzebuerg, well mir haten nëmme Schoulgesetzer par ordre d'enseignement getrennt. Mir hunn do mat alle Partner geschwat fir d'Missioune vun de Schoulen an d'Missioune vun de Partner kënne mat hire Finalitéiten ze definéieren. Ech wier frou, Här President, wann Är Educatiounskommissioun sech géif mat deem Orientatiounsdokument, éier et zu engem Projet de loi kënnt, auserneesetzen. Ech iwwerreechen lech dat fir et virun ze ginn un d'Educatiounskommissioun.

Dann d'Reform vum Schoulgesetz vun 1912. Do hunn ech mat de Schoulpartner geschwat an et waren 11 Sitzungen am Ministère fir um Schoulgesetz vun 1912 ze schaffen. Och do hu mir elo en Orientatiounsdokument an ech wéilt och, Här President, dass Är Kommissioun sech domat géif auserneesetzen. Och do géif ech lech deen Document d'orientation wëllen iwwerreechen.

Da wollt ech soen, dass déi succéssiv Regierunge säit 1945, well d'Texter fir d'Beruffsausbildung si vun 1945, gesot hu si géifen d'Beruffsausbildung gären adaptéieren, mä dat ass net geschitt. Ech hunn elo en Orientéierungspabeier, deen an der Tripartite Formation professionnelle mat de Chambres professionnelles mat de Syndikater schonn diskutéiert ginn ass. Och heizou wëll ech lech e Pabeier virleeën.

***(Mme le Ministre Anne Brasseur dépose trois documents d'orientation)***

Ech hunn awer och nach aner Gebitter wou d'Aarbechte vill méi wäit fortgeschratt sinn, wou ech lech ka Gesetzesprojeten déposéieren.

## 3. Dépôt de trois projets de loi

Dat eent ass, fir dass ons Postprimärschoule vill méi autonom kënne fonctionnéieren, dass se dofir d'Moyenë kréien an dass se dofir déi néideg Strukture kréien, wou och d'Rôlë vun deenen eenzelne Partneren definéiert ginn, fir dass mir eng manner zentralistesch Pädagogik kréien, mä mir de Gebaier awer d'Méiglechkeet ginn dat vill méi an Autonomie mat hirer Communauté scolaire ze maachen. Dofir wëll ech e Gesetzesprojet déposéieren.

*- Projet de loi 5092 portant organisation des lycées et lycées techniques*

Da wollt ech e Gesetzesprojet déposéieren iwwert de Recrutement vun den Enseignanten. Dat ass eppes méi Technesches, well do musse verschidde Procéduren ugepasst ginn. Och deen Dépôt maachen ech.

*- Projet de loi 5091 modifiant la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement postprimaire*

An da wëll ech zum Schluss e Projet de loi déposéieren iwwert d'Schafe vun engem Lycée zu Réiden. Dat ass net de Bauprojet, mä hei ass et d'Kreatioun vum Lycée, well ech mengen dass et gutt ass, dass mir dat am Virfeld maachen, well dat nach kann eng Incidence hunn. Och dee Projet wëll ech hei déposéieren.

*- Projet de loi 5090 portant création d'un établissement d'enseignement secondaire à Redange/Attert*

## 4. 4915 - Débat d'orientation sur l'étude PISA (Program for International Student Assessment) réalisée dans les pays de l'OCDE (suite)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn nach eng ganz Partie Motiounen déposéiert ginn an et sinn och eng Partie Froe gestallt ginn, mä ech mengen dass ech awer unhand vu mengen Ausféierungen op ganz villes geäntwert hunn.

Eppes wat ech net ugeschnidden hunn ass dat vum Tronc commun, mä do hat ech schonn eng Kéier hei op dëser Tribün gesot dass d'Regierung net denkt an déi Richtung am Moment ze goen. Ech weess net, ob dat dono eng Kéier geschitt an ech wëll och do op d'Ausso vum Här Dubs hiweisen. Wann ee vun enger Additiv-Gesamtschoul schwätzt a vun enger Integrativ-Gesamtschoul, dann hunn ech effektiv domadder Problemer.

Wat d'Motiounen insgesamt ubelaangt: Do hu mer eng éischt Motioun vum Här Garcia, wou hien eng ganz Partie Punkten opwerft, wou mir schonn deelweis amgaange sinn, och Punkte wou ech domat d'accord sinn, mä et sinn awer och eng Partie Punkten dran déi ech net kann unhuelen, wou mir wierklech net enger Meenung sinn. Dofir géif ech der Chamber proposéieren déi ofzelehnen.

Déi zweet vun der LSAP géif ech och lech recommandéieren ofzelehnen. Si froen, dass een den Enseignement précoce an alle Gemenge soll generaliséieren. Bis 2005 soll dat och geschéien. Dass een aner Kompetenzopdeelunge soll tëschent de Ministërë maachen. Dës Regierung huet sech esou organiséiert wéi se mengt dass dat am beschten ass. Mir fueren excellent domat. Och dat, mengen ech, kann ech wierklech net unhuelen. Ech géing lech bieden och déi ofzelehnen.

Déi drëtt ass erëm eng vun der LSAP iwwert d'Offer vun der Pédagogie de la deuxième chance. Déi Offer besteet. Et ass richteg, mir bauen net eng Schoul wou mir déi all dra maachen, déi keen Schoulofschloss hunn, well dat wier jo d'Ghettoiséierung, mä mir hunn op enger ganzer Partie Schoulen eng Pédagogie vun der deuxième chance, sou dass déi Offer besteet, sou dass ech déi Motioun net kann unhuelen, mä mir sinn natierlech gäre bereet awer mat de Resultater heihinner ze kommen.

Wat déi véiert Motioun ubelaangt, do geet et ëm en Enseignement différencié an eng Prise en charge vun alle Kanner. Dat ass an der Ecole publique, domat hunn ech kee Problem, mä ech denken net dru fir de Projet de loi iwwert d'Privatschoulen zréckzezéien. Dat ass

eng Décisioun vun der Regierung an et ass dann un der Chamber dee Moment heiriwwer ze délibéréieren an et ass dann un der Chamber hir Décisioun ze huelen.

Bei der Motioun 5 gëtt gefrot - dat ass déi vun deene Gréngen -, fir en Tronc commun progressif anzeféieren.

Des voix.- Et ass déi vum Här Urbany.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Pardon, dat ass d'Motioun vum Här Urbany, mä si ass vun deene Grénge mat ënnerschriwwen, fir en Tronc commun ze ënnerstëtzen. Ech sinn der Meenung, dass een dat soll oflehnen.

D'Motioun 6 déi vun der Madame Durdu déposéiert ginn ass huet eng ganz Partie vu Punkten déi wierklech an der Kommissioun och diskutéiert an opgestallt gi sinn. All déi Punkte si Punkte wou ech mengen, dass et konkret Schrëtt sinn déi ons Schoul virubréngen.

***(Interruption et brouhaha général)***

Dofir bieden ech déi unzehuelen.

An der Motioun 7, dat ass eng vum Här Colombera, ënnerschriwwe vu senge Fraktiounskolleegen, geet zum Beispill Rieds iwwer alternativ Pédagogie an der öffentlecher Schoul. Ech sinn der Meenung: An der öffentlecher Schoul solle mir an eng Richtung goen. D'Schoul ass keen Experimentéierfeld. Et sinn nach aner Punkten dra mat deenen ech mech net kann d'accord erklären. Dofir bieden ech d'Chamber och déi ofzelehnen.

An der Motioun 8 geet et ëm d'Kompetenzen, iwwert d'Organisation scolaire am Précoce, Préscolaire, Primaire, esou wéi dat sech am Enseignement postprimaire mécht, andeem een e Pool national vun Enseignantë mécht. Hei geet et awer ëm méi wéi d'Organisatioun vum Enseignement. Hei geet et wierklech och ëm d'Gemengenautonomie. Dat ass awer ze kucken am Kader vun der Definitioun vun den Obligatiounen, de Rechter an de Flichte vun de Gemengen. Ech fannen, dat dépasséiert dësen Débat. Dofir géif ech lech och bieden dat heiten ofzelehnen.

Dann déi vum ADR déi soen, dass de Volume vun der Tâche vum Enseignant soll eropgesat ginn. Och dozou kann ech mech net bereet erklären. Och déi lehnen ech of.

***(Interruption)***

Da wollt ech soen, dass déi Etüd PITA, déi Etude comparative vun der OCDE, elo guer net méi esou libelléiert ass, well do hunn net genuch Länner matgemaach. Déi Etüd PITA ass elo eng Evaluatioun iwwert d'Qualité des enseignements. Et ass also haut eng aner Etüd. Dee Libellé hei ass net richteg, dofir muss ech dat och oflehnen,...

***(Interruptions diverses)***

...dat wëll ech dem Här Colombera soen, mais par ailleurs hu mir net genuch Leit an onsem Ministère - Dir fannt jo ëmmer mir wieren zu ze vill am Statsapparat -...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Net méi genuch gudder da vläicht.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Net genuch gudder? Also do wëll ech mech schützend virun all meng Beamte stellen. Ech muss soen, et ass eng Freed mat hinnen ze schaffen. Et ass Är Appréciatioun, dass Dir verschidde Leit aus dem Ministère net gutt fannt. Ech op jidde Fall fir mäin Deel kann dat net esou hei stoe loossen.

***(Interruptions)***

Mä ech muss lech soen: Ech muss déi dote Motioun oflehnen, well mir dat net kënnen esou duerchzéien. Da steet och eppes do iwwert d'Tâche am Secondaire, wou mir sollen op 22 Stonnen eropgoen. Och domat kann ech net d'accord sinn. Et ass net mat engem Fiederstréch hei an der Chamber wou een esou eppes stëmmt. Dat sinn déi Remarken, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi ech wollt maachen.

Hei koum nach déi Zwieleft, dass een...

***(Interruptions)***

...méi eng grouss Flexibilitéit a Perméabilitéit vun de Strukture soll zouloossen. Wann ee mir kann definéiere wat et ass wier ech d'accord, mä ech wëll näischt méi unhuele wat ech duerno virgehale kréien. Well ech kann nëmmen dat. maachen, wat ech verstinn. An et ginn heiansdo Saachen, déi ech wierklech net verstinn an dofir recommandéieren ech der Chamber dat doten net unzehuelen.

Une voix.- Très bien.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn elo ganz vill Moossnamen an Aktiounen opgezielt ginn, déi scho konkret ëmgesat gi sinn oder déi amgaange sinn ëmgesat ze ginn. Déi si wichteg fir d'Lëtzebuerger Schoul, fir dass mir an onser Schoul kënnen de Missioune gerecht ginn.

Mir sinn an der leschter Zäit e ganz gutt Stéck virukomm mam Engagement vun alle Partner. Et geet ëm den Asaz vu jidderengem an ech héiere wéi vill gutt Aarbecht op ganz ville Plaze geleescht gëtt. Hei ass ze vill dat Negatiivt ervirgestrach ginn, och dat Positiivt muss een ervirsträichen, well et si Leit déi um Terrain all Dag ganz gutt Aarbecht maachen. Ech muss lech soen, wat mech encouragéiert, dat ass dass ech ëmmer vu méi Leit héieren: Enseignanten, Elteren a Schüler déi eng Hand mat upake fir dass et an déi Richtung, déi ech ugezeechent hunn, viru bougéiert.

An der rezenter Etüd „Les valeurs au Luxembourg" ass gefrot ginn, wéi vill Vertrauen d'Lëtzebuerger a verschidden Institutiounen hunn. Et ass constatéiert ginn, dass vu 16 Institutiounen d'Schoul op der véierter Plaz läit. D'Leit nennen u véierter Plaz d'Schoul, wou se Confiance dran hunn. 64% vun deene Befrote soten si hätte Vertrauen an onse Schoulsystem. Ech fir mäin Deel, Här President, wéilt haut dës positiv Note huelen als en Encouragement fir op deem Wee weider ze goen, deen ech ageschloen hunn.

Ech soen lech villmools merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Mme Brasseur.

***Motions***

Mir kommen dann elo zu de Motiounen an zur Ofstëmmung vun de Motiounen. D'Motioun 1 ass d'Motioun déi déposéiert ginn ass vum Här Robert Garcia.

Wëll dozou nach een eppes soen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

Da komme mer zur Ofstëmmung vun der Motioun 1.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 33 Nee-, 19 Jo-Stëmmen a 7 Enthalungen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes (par M. Lucien Weiler), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marco Schank, Jean Spautz (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Lucien Clement), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Da komme mer zur Motioun 2 vun der Mme Delvaux. Gëtt näischt méi dozou gesot?

***(Négation)***

Mir kommen dann zur Ofstëmmung.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass ofgelehnt mat 32 Nee-, 19 Jo-Stëmmen a 7 Enthalungen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Paul-Henri Meyers), Ady Jung, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Fred Sunnen), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Théo Stendebach), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Mir kommen zur Motioun 3 vun der Mme Delvaux.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 3 ass ofgelehnt mat 33 Nee-, 22 Jo-Stëmmen a 4 Enthalungen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Paul-Henri Meyers), Ady Jung, Nico Loes (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Paul-Henri Meyers, Mmes Marie-Josée Meyers-Frank, Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz (par Mme Nelly Stein), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Lucien Clement), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. Emile Calmes), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Théo Stendebach), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes et Aly Jaerling.*

Mir kommen zur Motioun 4, déi och vun der Mme Delvaux abruecht ginn ass.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 4 ass ofgelehnt mat 35 Nee-, 20 Jo-Stëmmen a 5 Enthalungen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*M. Jean Colombera;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes (par M. Paul-Henri Meyers), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz (par M. Lucien Clement), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Lucien Weiler), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Théo Stendebach), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Agny Durdu), John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp.*

Mir kommen zur Motioun 5 vum Här Serge Urbany.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 5 ass ofgelehnt mat 31 Nee-, 6 Jo-Stëmmen an 20 Enthalungen.

*Ont voté oui: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Fred Sunnen), Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes (par M. Paul-Henri Meyers), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz (par Mme Nelly Stein), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Lucien Clement), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Xavier Bettel), MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp.*

Mir kommen zur Motioun 6 vun der Mme Agny Durdu.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 6 ass ugeholl mat 33 Jo,- 8 Nee-Stëmmen an 19 Enthalungen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Paul-Henri Meyers), Ady Jung, Nico Loes (par Mme Nelly Stein), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marco Schank, Jean Spautz (par M. Lucien Clement), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Lucien Weiler), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Xavier Bettel), MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier*

*Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Paul Helminger (par M. Jean-Paul Rippinger), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Ont voté non: Mme Maggy Nagel (par M. Théo Stendebach);*

*M. Jean Colombera;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Mir kommen zur Motioun 7 vum Här Colombera.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 7 ass ofgelehnt mat 45 Nee-, 7 Jo-Stëmmen a 5 Enthalungen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes (par M. Paul-Henri Meyers), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Xavier Bettel), MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Théo Stendebach), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).*

Mir kommen zur Motioun 8 vum Här Colombera.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 8 ass ofgelehnt mat 37 Nee-, 7 Jo-Stëmmen an 13 Enthalungen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes (par M. Paul-Henri Meyers), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz (par Mme Nelly Stein), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Fred Sunnen), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par Mme Agny Durdu), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Paul Helminger (par M. Jean-Paul Rippinger), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Théo Stendebach), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);*

*M. Serge Urbany.*

Mir kommen zur Motioun 10 vum Här Colombera.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 10 ass ofgelehnt mat 34 Nee- a 26 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Lucien Clement), Ady Jung, Nico Loes (par M. Paul-Henri Meyers), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz (par M. Fred Sunnen), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Paul Helminger (par M. Jean-Paul Rippinger), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Alexandre Krieps), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Agny Durdu), John Schummer et Théo Stendebach.*

Mir kommen zur Motioun 11 vum Här Colombera.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 11 ass ofgelehnt mat 51 Nee- a 7 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Fred Sunnen), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Xavier Bettel), MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);*

*M. Serge Urbany.*

Elo komme mir un déi lescht Motioun. Dat ass d'Motioun 12 vum Här Scheuer.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dat ass eng excellent.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Et steet näischt dran.

***(Hilarité)***

Ech hunn net dierfte schreiwe wat ech wollt.

Des voix.- Ah!

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här Scheuer, fuert esou weider. Elo gi mer eppes gewuer.

***Vote***

M. le Président.- Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 12 ass ofgelehnt mat 32 Nee-, 25 Jo-Stëmmen an enger Enthalung.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Lucien Clement), Ady Jung, Nico Loes (par Mme Nelly Stein), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz (par M. Fred Sunnen), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach.*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Domadder si mer um Schluss vun eiser Sitzung ukomm. Mar de Moie geet et ëm néng Auer weider mat der Interpellatioun vum Här Gibéryen au sujet de la problématique du nombre important de faillites.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 19.19 heures)***

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber online op
www.chd.lu

## Ordre du jour

Interpellation de M. Gast Gibéryen au sujet de la problémtique du nombre important de faillites

*(Discussion générale - Motions - Votes)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden, Luc Frieden et Henri Grethen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 9.04 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

Mir kommen zur Interpellatioun vum Här Gast Gibéryen iwwert d'Zuel vun de Failliten. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgesat. Et sinn ageschriwwe bis elo: déi Häre Santer, Krecké a Bettel. D'Wuert huet den Interpellateur, den honorabelen Här Gast Gibéryen.

### Interpellation de M. Gast Gibéryen au sujet de la problématique du nombre important de faillites

M. Gast Gibéryen *(ADR), interpellateur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeems dass mer elo alleguer am Stau stongen an elo hei si mam BTB…

***(Interruptions diverses)***

Ech hunn all Stau getraff, deen de Moien am Süden ze treffe war, schlussendlech dach awer iwwer Fréiseng an d'Stad komm sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, praktesch vergeet keen Dag ouni dass mer an den Dageszeitungen Annoncë musse liesen, wou den X an d'Faillite gefall ass, den Y de Bilan déposéiert huet an den Z eng Faillite agesteet.

D'Zuel vun de Failliten ass an deene leschte Joren enorm geklomm. Vill vun de Faillitë sinn ongewollt, sinn d'Resultat vu wirtschaftlesche Konsequenzen, schlechter Zahlungsmoral, Onwësse vu Betribsféierung an esou weider. Vill Faillitë sinn awer och organiséiert, gewollt a mat Absicht konstruéiert. Egal ëm wat fir eng Faillite et sech handelt, et geet ëmmer ëm d'Schicksal vu Leit an ëm d'Schicksal vu ville Salariéën an hire Familljen. Et geet awer och ëm vill Geld wat dem Stat, de Sozialversécherungen, de Fournisseure verluere geet. De finanziellen Impakt an d'mënschlecht Schicksal ass enorm, a well d'Zuel vun de Failliten an deene leschte Jore staark geklomm ass an doduerch vill méi Leit direkt an indirekt betraff sinn, eis Regierung awer nach praktesch iwwerhaapt net op déi Situatioun reagéiert huet, hunn ech dofir den 22. Januar 2002 dës Interpellatioun iwwert d'Problematik vun de Failliten hei zu Lëtzebuerg ugefrot.

Ee Joer ass an der Zwëschenzäit vergaangen an d'Regierung, esou huet een zumindest d'Gefill, huet opgrond vun dëser Interpellatioun, zwar lues awer ëmmerhinn, ugefaangen ze reagéieren. Bei der Ufro vun dëser Interpellatioun hunn ech als Intitulé festgehalen: 733 Failliten am Joer 2001 - origines, causes, conséquences et conclusions de cette évolution préoccupante.

Erlaabt mer, Här President, dass ech mengem Fraktiounskolleeg Jacques-Yves Henckes merci soen, dee mir bei der Preparatioun vun dëser Interpellatioun, virun allem wat de juristeschen Deel ubelaangt, eng grouss Hëllef war.

Et heescht fir d'éischt eng Analys vun der aktueller Situatioun maachen.

D'Zuel vun de Failliten. 1997 hate mir der 320 am Land, 1998 370, 1999 399, 2000 593, 2001 790, 2002 681. Et ass e luese Réckgang do festzestellen. Et gesäit een, dass d'Zuel vun de Faillitë sech an de Joren 2000, 2001 an 2002, vis-à-vis vun deenen dräi Joer virdun, praktesch verduebelt huet. Et muss een och feststellen, dass erstaunlech vill Faillitë bei Immobiliegesellschaften an am Grousshandel sinn an dass dës zwou Gruppen och de Gros vun der Progressioun ausmaachen. Bei den Immobiliegesellschafte waren et 102 Failliten am Joer 2000, 160 am Joer 2001 a bis Oktober 2002 waren et der schonn 124. Beim Grousshandel waren et der 144 am Joer 2000, 191 am Joer 2001 a bis Oktober 2002 waren et der 128.

Interessant ass och ze kucke wéi dann den Taux de faillites am Verglach mam Ausland an Europa ass. An och hei steet Lëtzebuerg un der Spëtzt vun de Failliten, wann een de Prozentsaz vun de Faillitë kuckt vis-à-vis vun deenen zougeloossene Betriber. Lëtzebuerg huet 4,1% vun de Betriber déi a Faillitë falen, Schweden 3%, Éisträich 2,4%, Frankräich 2%, Däitschland 1,5%, Norwegen 1,4%, Holland 1,2%, Finnland 1%, d'Schwäiz 1%, d'Belsch 0,9%, Dänemark 0,9%, England 0,4%, Italien 0,3%, Portugal 0,2%, Griichenland 0,1% a Spuenien 0,03%.

Obschonn ee vläicht soe kann dass hei zu Lëtzebuerg opgrond vun deem eemolege wirtschaftlech Boom vun deene vergaangene Joren och vis-à-vis vum Ausland Rekordzuelen un neie Betriber entstane sinn, esou beweist dës Statistik dach, dass hei zu Lëtzebuerg vis-à-vis vun deenen aneren europäesche Staten esou munches net am richtege Lot ass.

Als Ursaach vun de Faillitë gëtt uginn, dass e Mangel u Kapital fir 35% vun de Faillitë Schold wär, an net genuch Wëssen an der Branche 20%. Et en ze vill groussen Optimismus ganz oft och gëtt trotz regelméissege Perten an d'Hoffnung dass d'Geschäft sech trotzdem zum Gudde géif dréinen amplaz Schluss ze maachen, sollen 20% vun de Failliten ausmaachen. Keng kloer a korrekt Kontabilitéit mécht weider 20% vun den Ursaache vun de Failliten aus.

D'Faillites frauduleuses oder d'Faillites organisées maache statistesch gesinn nëmme 5% hei zu Lëtzebuerg aus, an der Realitéit awer vill méi. Et gëtt geschwat vun 30%. D'Ursaach fir dës Differenz ass virun allem dorop zréck ze féieren, well bal keng Plaintë beim Parquet gemaach ginn, well déi Zort vu Wirtschaftskriminalitéit hei zu Lëtzebuerg bal net poursuivéiert gëtt, wat ganz oft mat der Relatioun Aarbecht an Indemnisatioun vum Curateur ze dinn huet. Ech komme spéider nach dorobber zréck.

Wéi vill Salariéë gi vun de Faillitë betraff? Eng Faillite-Erklärung bedeit fir dat an deem Betrib beschäftegt Personal automatesch d'Opléisung vum Aarbechtsvertrag. Niewent dem perséinleche Schicksal vun de betraffene Persounen an hire Familljen, mussen déi Betraffe ganz oft nach laang op hir geschëllte Gehälter waarden. Obschonns bei Dräivéierel vun de Failliten nëmmen eng oder keng Persoun beschäftegt ass, ass d'Zuel vun deenen duerch Faillite betraffene Persounen dach ganz grouss. Insgesamt hunn tëschent 1993 an 2001 9.348 Leit hir Aarbecht duerch Faillite verluer. 4.809 Résidenten a 4.539 Frontalieren.

Här President, ech hu vun der Administration de l'Emploi Statistike kritt. Ech wëll déi net hei opzielen, mä et wär awer vläicht interessant wann een déi am Analytesche mat der Quell vun der ADEM kéint publizéieren. Niewent de ville Leit déi do hir Aarbecht verléieren ass och d'Fro: Wéi vill Ausfall huet de Stat u Steieren an un Enregistrement?

Op eng Question parlementaire vum 5. Abrëll 2002 huet den Här Finanzminister mer geäntwert, opgrond vu Réckstänn vun 10 Joer, gekuckt vun 1991 bis 2002, ass beim Gros vun de Faillitë vun de leschten zéng Joer d'Opération de liquidation nach net ofgeschloss - op Prozedure kommen ech nach méi spéit ze schwätzen - an dass dofir déi definitiv Perte fir d'Statskeess nach net kéint chiffréiert ginn. Pro Joer gëtt et keng Chifferen. Et ass also eng cumuléiert Zomm iwwert déi zéng Joren, vun 1991 bis inklusiv 2002.

D'Zuel vun deene Failliten, bei deenen de 15. Mee 2002 nach Réckstänn opstongen, ass 3.760 Failliten déi also nach net ofgeschloss sinn an déi sech opdeelen op 1.288 Sociétés anonymes an 2.472 S.àr.l.en. D'Zomm déi ausstong bei der TVA war am Ganzen 269.911.592 Euro. Also 10,8, 10,9 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang, opgedeelt maachen d'S.A.en 105,7 Milliounen Euro aus an d'S.àr.l.en 164,2 Milliounen Euro. Et ass unzehuelen, dass de Stat de Gros vun dësem Geld net méi era kritt. Des Weidere sief bemierkt, dass an dëse Chifferen d'Réckstänn vun de physesche Persounen, respektiv anere Gesellschaftsformen net mat berücksichtegt sinn, well déi net disponibel sinn.

Här President, den Här Weiler.

M. le Président.- Här Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, ech wollt den Här Gibéryen froen ob et net esou ass, dass bei deene Chifferen, déi hie virbréngt, déi der Statskeess verluer gaange wären duerch déi Failliten, déi Chiffere musse relativéiert ginn an deem Sënn wou et sech ganz oft hei net ëm effektiv geschëllte Gelder handelt, mä ganz oft ëm Taxatiounen, déi vun der Verwaltung forfaitaire virgeholl gi sinn, esou dass an der Realitéit, wann een d'effektiivt Geschäftsvolume vun deenen Entreprise gekuckt hätt, et net zu deenen dote Chiffere komm wier?

M. Gast Gibéryen *(ADR), interpellateur*.- Dat ass ganz richteg, wat den Här Weiler seet, Här President. Ech hunn dat a mengem Text stoen a wär elo do drop komm. Ech hunn och virdru gesot, dass dat Chiffere sinn déi nach net ofgeschloss si ginn. Ech kommen och op déi Chifferen déi als ofgeschloss gëllen, mä et ass ganz richteg wat den Här Weiler seet, dass dat och déi Taxen, d'Zënsen an alles ass wat do ufält beinhalt. Des Weidere sinn an dëse Chifferen och Réckstänn enthalen. Wat d'Réckstänn bei den direkte Steieren ubelaangt sief bemierkt, dass hei d'Chifferen esouwuel fir d'Gesellschafte wéi och fir d'physesch Persoune virleien.

Insgesamt 5.154 Steierflichteger hunn nach fir insgesamt 75,8 Milliounen Euro oder 3 Milliarde Lëtzebuerger Frang, opgrond vu Failliten aus deenen zéng Joer, ausstoen.

Zum Zäitpunkt vum 15. Mee 2002 war dës Zomm vun 2.158.878 Euro als definitiv Perte an der Steierverwaltung festgehale ginn. All déi aner Sue sinn nach net als definitiv, déi kënnen nach agedriwwe ginn, mä wéi gesot, dat sinn och Taxatiounen déi do mat dra leien.

Wivill Ausfall fir d'Sozialversécherung? Och bei der Sozialversécherung ass d'Perte enorm grouss wat d'Zomm vun de Kotisatiounen ubelaangt, déi jo zumindest zur Halschent vun de Salariéë bezuelt si ginn an net un d'Sozialversécherung ofgefouert si ginn. Dës Kotisatioune ginn awer op de Kont vum jeeweilegen Assuré imputéiert an d'Keesse bezuelen déi entspriechend Leeschtungen aus, wat och richteg ass. Dat heescht, d'Gesamtheet vun den Assuréë kënnt solidaresch fir déi net bezuelte Kotisatiounen op.

An de Joren 1992-2002 sinn esou fir insgesamt 67 Milliounen Euro, oder 2,7 Milliarde Frang, geschëllte Kotisatiounen net un d'Sécurité sociale ofgefouert ginn. De Centre commun vun der Sécurité sociale schreift a senge Konklusiounen: „En effet une partie très faible de ces cotisations est versée au Centre commun au moment de la clôture de la faillite, qui s'effectue souvent plusieurs années seulement après sa prononciation."

D'Géranten an d'Direktere vun den S.A.en an S.àr.l.e sinn zwar perséinlech fir d'Extensioun vun der Faillite haftbar, fir d'Scholde bei der Sécurité sociale a fir d'Paiementer vun de Steiere fir d'Salariéen, mä dat Gesetz gëtt ganz selten ugewannt. Et muss dofir heifir gesuergt ginn, dass d'Méiglechkeete vun dësem Gesetz och konsequent ausgenotzt ginn.

Eng aacht Iwwerleeung: Privilegie fir de Salariéen hir Léin a Gehälter. Op d'Zuel vun de Salariéen, déi duerch eng Faillite hir Aarbechtsplaz verluer hunn, sinn ech virdrun agaangen. Hei wëll ech mech méi mam Käschtepunkt beschäftegen deen de Stat ze droen huet, wou hien opgrond vu gesetzleche Bestëmmungen dem Salarié déi geschëlte Léin ausbezilt.

Wa mer an deemselwechten Zäitraum bleiwe vun 1992-2001, dann huet de Stat heifir insgesamt 33,3 Milliounen Euro, oder 1,4 Milliarde Lëtzebuerger Frang, Léin bezuelt. Hei wëll ech och op e gewëssenen Abus opmierksam maachen, wéi elo kierzlech e Geriichtsuerteel bewisen huet, wou eng Gesellschaft, déi dräimol Leit beschäftegt hat, déi ni hei zu Lëtzebuerg present war a wou elo bei der Faillite de Lëtzebuerger Stat iwwert de Fonds de Chômage, am Kader vum Superprivileg, muss déi geschëlte Léin ausbezuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer also hi ginn a mir zielen d'Pertë fir de Stat a Form vun direkte Steieren, an der TVA, an dem Lounausfall, an d'Kotisatioune fir d'Sozialversécherung zesummen, esou mécht dat an engem Zäitraum vun zéng Joer déi total Zomm aus vu 446 Milliounen Euro, oder ronn 18 Milliarde Frang, déi gréisstendeels net méi ze récuperéiere sinn.

D'Konsequenze fir d'Betriber: E weidere wichtegen an net ze ënnerschätzende Chiffer ass deen, deen aner Betriber, déi zum Beispill als Fournisseuren hir Rechnungen net bezuelt kréien, ausmécht. Hei gëtt et keng Chifferen, awer dierft dës Zomm och enorm héich leien. Mir sinn der Meenung, datt et och wichteg wier fir an Zukunft dës Perte, déi fir d'Betriber entsteet, statistesch festzehalen. Wann e Betrib an d'Faillite fält, kréien an der Regel d'Fournisseure keng Sue méi ze gesinn, a wann dach, da sinn dat vläicht e puer Prozent vun deem wat aussteet. Esou ginn dacks aner onschëlleg Betriber a finanziell Schwieregkeete bruecht an eng Rei vun hinne mussen herno deeselwechte Wee an d'Faillite untrieden.

Opgrond vum Superprivileg fir d'Léin vun de Salariéen an de Privileg vum Stat an der Sozialversécherung fir d'Steieren a Kotisatiounen bleift de Fournisseuren an der Regel näischt iwwreg, vu - et dass virdru bewisen - datt de Stat an d'Sozialversécherung schonn de gréissten Deel net bezuelt kréien.

Bei der Prozedur vun de Faillitë gesäit déi aktuell Législatioun vir: Wann e Betrib oder e Geschäftsmann seng Scholden net méi bezuele kann, dann intervenéiert d'Geriicht. Dat geschitt op Ufro vum Betrib, vum Geschäftsmann selwer, vun engem vu senge Créancieren oder vum Procureur hin. D'Geriicht décidéiert eng Faillite.

Wann den Aktiv méi grouss ass wéi de Passiv, da kann et zu enger Gestion contrôlée kommen. Ass dat net de Fall, ginn et zwou Méiglechkeeten, entweder kréien d'Créancierë sech op e Konkordat gëeenegt oder d'Faillite gëtt schlussendlech liquidéiert.

Zwou Méiglechkeete bei de Poursuiten. De Curateur kontrolléiert alles wat d'Persoun oder d'Gesellschaft a Faillite bruecht huet. Jee nodeem wéi d'Resultater si kënnen d'Paiementer an irregulär Akten annuléiert ginn. Et kann och e beruffleche Verbuet géint dës Persoun, déi a Faillite ass, oder seng Représentantë verhaange ginn. Schlussendlech kann et zu enger Extensioun vun der Faillite op d'Dirigenten kommen oder d'Dirigente mussen een Deel vun de Scholde selwer droen.

D'Gestioun vun de Failliten. De Curateur spillt eng wichteg Roll bei der Gestioun vun der Faillite. Hie representéiert d'Faillite, hien informéiert, hien aktéiert wat un Aktiva do ass, wat d'Créancieren zegutt hunn, hie reservéiert a probéiert ze rette wat nach ze retten ass, hie liquidéiert, dat Ganzt ënnert der Kontroll vum Juge commissaire. Zu all deem gehéiert och, dass de Curateur festhale muss ob eng Faillite frauduleuse virläit oder net. Säin Aufgabegebitt ass also large a verlaangt vill vun him.

Mir maachen als ADR eng Rei vu Propositioune fir de Failliten entgéint ze wierken.

D'Kapital verduebelen a blockéieren.

1. D'Failliten duerch e Mangel u Kapital. Meeschtens hunn d'Gesellschafte genuch Kapital fir d'Gesellschaft ze grënnen, mä si vergiessen d'Käschten déi an der Ulafzäit ulafen. Zum Beispill muss dat wat ee verkafe wëllt fir d'éischt kaaft ginn. D'Personal muss bezuelt ginn, Ariichtunge mussen ugeschaaft ginn an esou weider, ier ee Recettë kritt. Dofir proposéiere mir, iwwerall do wou Personal beschäftegt gëtt, d'Mindestkapital vun der S.àr.l. an der S.A. ze verduebelen, dat heescht vun haut 34.000 Euro op 68.000 Euro bei der S.A. a vun 12.500 op 25.000 Euro bei der S.àr.l. Ganz oft gëtt direkt no der Schafung vun enger Gesellschaft d'Kapital direkt erëm ganz opgehuewen, fir zum Beispill ze investéieren an Ariichtungen, fir Stocken unzeschafen, a beim klengste Finanzproblem si keng Reserve méi do. Dofir proposéiere mir, dass 50% vun dësem Mindestkapital muss fir eng bestëmmten Zäit blockéiert bleiwen an eréischt bei enger gesonder Liquidatioun nees ausbezuelt ka ginn.

2. En zolidd Formatioun fir Leit, déi Betriber grënnen a féieren.

Failliten duerch eng schlecht Gestioun. Vill Entrepreneure kenne wuel hire Beruff an hiert Produkt perfekt, mä hu keng oder net genuch Notioune vun Organisatioun a Rentabilitéit vun enger Firma. Si hunn oft keng oder net genuch Ahnung vun der Administratioun, der Kontabilitéit oder dem Budget. Oft sichen d'Entrepreneuren och kee Rot bei engem Professionnellen, oder net genuch Rot, déi sech mat der Matière auskennen. Dofir proposéiere mir fir den Entrepreneuren eng zolidd Formatioun vun der Gestioun vun hiren

Entreprisen ze ginn. Obligatoresch Coursë fir Leit déi Betriber grënnen, respektiv Fortbildungscoursen.

Ee Beispill wéi wichteg dës Formatioun ass. Zu Lëtzebuerg an an Däitschland, wou en Handwierker eng Meeschterprüfung brauch fir e Betrib däerfen opzemaachen, iwwerliewen d'Handwierksbetriber zu 76%, an Däitschland zu 66%. A Frankräich, wou d'Meeschterprüfung net néideg ass fir e Betrib ze grënnen, iwwerliewen nëmmen 41% vun den Handwierksbetriber. Speziell wann en Entrepreneur Leit astellt, oder Hëllef vum Stat wëllt, muss hien eng speziell Formatioun iwwert d'Risiken an esou weider kréien. Des Weideren, wann en Entrepreneur och nëmmen eng Persoun astelle wëllt, muss hien d'Notiounen hu vum Aarbechtsrecht, iwwert d'Sécurité sociale, iwwert d'administrativ Formalitéiten, also iwwer alles dat wat den Emploi vu Personal betrëfft.

3. E Businessplang aféieren.

Betriber, déi öffentlech Subsiden ufroen, mussen e Businessplang op dräi Joer opstellen, dee weist wat fir eng Liquidatioun ee brauch, wat seng Pronosticke sinn, wéi de Betrib soll fonctionnéieren. Dat beweegt de Gérant zum Nodenken iwwert d'Rentabilitéit bei der Grënnung vun engem Betrib.

4. E Fréiwarnsystem.

De Gérant muss den Zoustand vu senger Firma mellen, wann d'Aktivwäerter minus d'Scholde vun der Gesellschaft ënnert d'Gesellschaftskapital falen. De Gérant muss den Zoustand dann: a) dem Firmeregister mellen, b) eng Kapitalerhéijung maachen oder c) d'Gesellschaft gëtt a Liquidatioun gesat. Mécht de Gérant dat net, ass hie perséinlech haftbar fir de Konkurs an hie muss eng deementspriechend Amende bezuelen.

5. E weidert Fréiwarnsystem: d'Moderniséierung vum Instrument vun der Gestion contrôlée.

Wann d'Administratioune vum Stat mierken, zum Beispill bei der TVA, de Steieren, der Sécurité sociale, dass e Betrib Schwieregkeeten huet, musse se den Tribunal commercial informéieren, fir dass de Betrib eng Mise en demeure kritt, virgeluede gëtt fir e Gespréich oder ënner Gestion contrôlée gesat gëtt.

D'Käschte vun der Gestion contrôlée mussen als Geriichtskäschten ugesi ginn, déi de Stat rembourséiert kritt wann et dem Betrib besser geet.

6. Eng kloer Kontabilitéit prevenéiert Failliten.

Ouni kloer Kontabilitéit wësse mer net wou e Betrib drun ass, wat seng finanziell Situatioun ass. Ouni kloer Kontabilitéit kann e Betrib net zur Zäit reagéieren, wann déi éischt Schwieregkeeten optauchen. Eng kloer Kontabilitéit hëlleft am Fall vun enger Faillite festzestelle wou d'Suen higaange sinn an ob eng Faillite frauduleuse virläit. D'Kontabilitéit muss all Mount ofgeschloss ginn. D'Gesetzer, déi d'Kontabilitéit betreffen, musse preziséiert an ugepasst ginn. D'Gesetz muss eng Présomptioun vun der Faillite frauduleuse virgesi wann d'Kontabilitéit net à jour ass. De Kontabel muss verantwortlech gemaach gi wann d'Kontabilitéit net à jour ass.

7. Géint Retard de paiement, schlecht Payeuren, virgoen.

Et gëtt ëmmer méi Retard de paiement, souwuel am Secteur public wéi am privé. Enger Etüd vun der europäescher Kommissioun no ass eng vu véier Failliten op dëse Mëssstand zréckzeféieren. Dëse Problem ass ëmsou méi grave fir Kleng- a Mëttelentreprisen. D'Betriber mussen Zënse bezuelen, well d'Clienten net zur Zäit bezuelt hunn. Prozedure fir d'Suen anzedreiwe mussen op Weeër geleet ginn, déi och zousätzlech Käschte matbréngen. Eng Direktiv 2035 vun der europäescher Kommissioun „concernant la lutte contre le retard dans le paiement des transactions commerciales" soll hei Ofhëllef schafen. Dës Direktiv hätt solle bis den 8. August 2000 ëmgesat ginn, elo am Februar soll dës Direktiv an der Chamber awer eréischt deponéiert ginn.

***(Interruptions)***

Entschëllegt, gestëmmt ginn. Entschëllegt, entschëllegt!

Här President, den Här Bettel, mengen ech, wëllt eng ganz wichteg Interventioun maachen.

***(Interruption)***

Här President, d'Regierung kritt herno d'Wuert, an ech huelen un dass se dat dann hei am Detail explizéiert. Op jidde Fall, dës Direktiv soll elo den 8. Februar hei an der Chamber ëmgesat ginn.

***(Interruptions)***

No dëser Direktiv lafen d'Zënsen automatesch no 30 Deeg un, nëmme fir Professioneller. Fir de private Consommateur lafen d'Zënsen net, et muss nach eng Mise en demeure gemaach ginn oder konventionell festgeluecht ginn, dass d'Zënsen automatesch lafen.

8. Netting-fiscal aféieren.

Dat heescht eng Kompensatioun vun de Créancë beim Stat. Wann eng Rechnung vum Stat akzeptéiert ass an de Stat Retard am Bezuelen huet, muss de Stat dës Schold mat der Schold kompenséieren, déi dëse Betrib méiglecherweis beim Stat huet, oder ëmgedréint.

9. De Caractère-occulte vun de Privilegie muss ofgeschaf ginn.

De Caractère-occulte vu Créancë bei Steieren, TVA a Sécurité sociale huet als Konsequenz, dass verschidde Betriber no baussen d'Impressioun gi gesond ze sinn, an déi aner Betriber an d'Administratioune gleewen dat.

Et ass meeschtens den Enregistrement, deen als éischte reagéiert, deen den éischte Coup setzt an eng Faillite provozéiert. Déi aner Administratioune melle sech da fir hir Créancen, ginn als Éischt servéiert, an de Privatsecteur, de Privatbetrib kritt kee Su méi. De Privatbetrib hätt ni mat esou enger Firma geschafft wann e gewosst hätt, datt Steieren, TVA, a Sécurité sociale geschëllt wieren.

Wat d'Marchés publics betrëfft, missten d'Betriber, déi TVA, Steieren, Sécurité sociale schëlden, ausgeschloss ginn. An der Praxis geschitt dat net, well keng Publicitéit vun dëse Scholden existéiert. Dofir, Privilegie mussen an engem gewëssenen Ofstand publizéiert ginn, zum Beispill all zwee Méint. Dat heescht an anere Wierder, datt de Stat oder d'Sécurité sociale, déi Suen zegutt hunn, dat musse public maachen. Hält deen, deen d'Privilegien huet, sech net un dës Publizitéit, verléiert hien de Privileg am Fall vun enger Faillite a gëtt wéi all aner Créancier behandelt.

10. D'Veröffentlichung vun der Protêts-Lëscht.

D'Protêts-Lëscht muss nees public gemaach ginn, fir dass deen, dee condamnéiert ginn ass eppes net bezuelt ze hunn, an dëser Lëscht opgefëiert gëtt, esou kritt erëm all Fournisseur d'Méiglechkeet besser ze wësse wou hie mat senge Clienten drun ass.

11. En energesche Kampf géint d'Faillite frauduleuse.

Fir d'Faillite frauduleuse iwwerhaapt erauszefannen, a fir datt weider Faillitë vun dëse Leit verhënnert kënne ginn, ass et wichteg dass d'Effektiver vun der Police judiciaire vergréissert musse ginn, dës Leit eng speziell Ausbildung kréie fir kënnen, wéi och spezialiséiert Riichteren, géint d'Faillite an d'Wirtschaftskriminalitéit virzegoen.

E Bankrott muss gesprach gi wann en Aveu besteet, oder wann zumindest eng Strofdot, déi e Bankrott rechtfäerdegt, bewisen ass, an da muss direkt de Bankrott ausgeschwat ginn, an eng Interdictioun fir als Commerçant kënnen ze schaffen. D'Zil ass et, de Faillites en cascade an den organiséierte Failliten en Enn ze setzen. Ganz oft erliewe mer, datt Leit, ier se an d'Faillite falen, schonn erëm nei Gesellschaften opgemaach hunn, wou se dann herno an därselwechter Phas weiderfueren an déi Leidtragend sinn ëmmer déiselwecht.

12. Curateur muss e Beruff à part ginn.

Och wann an de leschte Joren Efforte gemaach gi si fir d'Formatioun vun de Curateuren ze verbesseren, esou ass awer op deem Gebitt nach vill ze maachen. Eng speziell praktesch Ausbildung ass néideg. Doduerch datt dem Curateur bei der Liquidatioun vun der Faillite eng ganz wichteg Roll zoukënnt, kann et net sinn datt hei Ufänger dru gelooss ginn. Déi Situatioun gëtt nach doduerch verschlëmmert, dass d'Stagiaire-Curateuren an deene Faillitë genannt ginn, wou guer keen oder bal keen Aktiva ass a wou ze vermudden ass, datt munch Saachen net richteg gelaf sinn.

Doduerch datt de Stagiaire nach an der Ausbildung ass, de Beruff vum Affekot esou ze soen als éischt mol léiere muss, an datt hien an enger ganz grousser Matière sech en plus nach, wa méiglech, op säin Avoués-exame virzebereeden huet, ass et déi denkbaarst schlechste Persoun fir kriddeleg Failliten ze liquidéieren. De Curateur duerf, am Optimalfall, keng aner Affekotenaktivéiten hunn. Well de Curateur iwwer eng grouss berufflech Erfahrung verfüge muss, fir all méiglech Problemer direkt ze erkennen, ass et absolut noutwendeg dës Fonctioun ze professionnaliséieren.

Faillitë sollen net méi de Stagiairen iwwerdroe ginn. Doniewent muss de System vun der Rémunératioun iwwerschafft an der Aarbecht ugepasst ginn. Et muss eng Rémunératioun sinn, déi de Curateur net découragéiert säi Beruff gutt auszeüben. Wann ee bedenkt, datt bis elo de Curateur e fixe Montant kritt, deen a kenger Relatioun zu senger reeller Aarbecht steet, an doriwwer eraus prozentual um Aktiv verdéngt, dann ass et net weider verwonnerlech, datt e Curateur sech an enger Faillite ouni Aktiv net vill midd mécht. Emol ganz dovunner ofgesinn, datt hie sämtlech Fräe muss virstrecken, bedeit esou all weider richteg Prozedur weider Käschten an e weideren Zäitverloscht. Den Interessen un der Faillite hält sech also a Grenzen.

Et kënnt ee bal mengen, datt hannert dëser Prozedur e System géif stoe wou den Affekot normalerweis géint d'Fraude professionnelle eng Versécherung huet. De Curateur, deen alt emol esou eng Zort Superman muss sinn, ass net vun dëser Versécherung couvréiert. Hien ass also perséinlech haftbar wann him an der Gestioun vun der Faillite e Feeler geschitt. Och dat mécht den Job vum Curateur net onbedéngt méi interessant.

An der Praxis ass et dann och oft esou, datt d'Zesummenaarbecht vum Curateur, dem Parquet économique an der Police judiciaire net stattfannen. Wann de Curateur dem Parquet säi Rapport ginn huet, ass et an deenen allermeeschte Fäll esou, datt hien ni méi eppes vun der Affär a méiglecher Poursuiten héiert. Méi oder wéiniger duerch Zoufall gëtt de Curateur mol eppes gewuer. Hien ass net informéiert ob d'Police judiciaire eng Enquête mécht oder net. Et ka jo net esou sinn, datt de Curateur all Mount muss nofroen. Bei der wierksamer Bekämpfung vun der Faillite frauduleuse muss an Zukunft hei bedeitend besser zesummegeschafft ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren zwielef Propositiounen déi mer gemaach hunn a wou mer mengen, datt déi géifen derzou bäidroe fir an Zukunft d'Failliten hei zu Lëtzebuerg kënnen erofzesetzen an de wirtschaftleche Schued a Grenzen ze halen.

Här President, de Problem vun de Failliten hei zu Lëtzebuerg ass iwwert d'Jore bekannt, esouwuel d'Gewerkschafte wéi och d'Patronatsorganisatioune sinn an deene leschte Joren net midd ginn op déi onhaltbar Situatioun hinzeweisen, leider ouni Erfolleg. D'Regierung huet et bei regelméissegen Absichtserklärungen an e puer punktuelle Gesetzesännerunge belooss.

An engem rezenten, oppene Bréif schreift d'Confédération luxembourgeoise du commerce: „La confédération luxembourgeoise du commerce avait décidé d'agir, il y a six ans déjà, en envoyant un dossier au Ministère concerné. A l'époque, il semblait que sous notre impulsion, l'affaire allait être prise en main et faire l'objet d'une opération interministérielle visant à poursuivre les cas existants et à supprimer durablement ces pratiques nuisibles aux PME et à l'économie de notre pays. Or, la Confédération luxembourgeoise du commerce doit constater avec consternation que la situation n'a nullement changé depuis et que sa vie manipulateur continue à pouvoir agir en toute impunité", an d'Confédération du commerce freet dann: „Pourquoi en est-il ainsi? La confédération luxembourgeoise du commerce se doit d'acquiescer parce que l'engrenage rouillé de la machine étatique les laisse faire et souvent refaire les mêmes coups. Police judiciaire, Tribunaux et Ministères compétents accusent une lenteur, une lourdeur et inefficacité inquiétante. Pourquoi en est-il ainsi?."

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Interpellatioun gëtt der Regierung haut d'Geleeënheet fir sech ze erklären, firwat näischt geschitt ass, an doduerch dem Stat, seriöse Betriber, Bierger an eiser Ekonomie Milliarde Gelder während Jore verluer gaange sinn.

Als ADR hu mir eng Rei vu konkrete Propositioune gemaach, verschidde vun dëse Propositiounen hu mer a Motioune verfaasst, déi ech deponéieren. Et ass elo un der Regierung, vill Zäit bleift hir net méi.

Ech soen Iech merci.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le caractère occulte des créances privilégiées de l'Etat laisse paraître une entreprise fragilisée comme parfaitement saine;*

*- considérant qu'en cas de faillite de la société le caractère privilégié de ces créances permet à l'Etat de récupérer ses créances avant les créanciers chirographaires;*

*invite le Gouvernement*

*- à déposer un projet de loi imposant la publicité des créances de TVA, de sécurité sociale et d'impôts directs tous les deux mois au moins pour garantir leur carcatère privilégié.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.*

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que les délais de paiement de l'Etat sont excessivement longs;*

*- considérant que les entreprises voire l'Etat doivent pouvoir opérer des cessions de créances mutuelles et compenser les créances à due concurrence;*

*invite le Gouvernement*

*- à déposer un projet de loi organisant la compensation des créances des administrations de l'Etat à l'égard d'une entreprise avec les créances de cette même entreprise à l'encontre de l'Etat ou d'une administration publique.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.*

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant qu'il faut augmenter les conditions d'obtention d'une autorisation de faire commerce pour les entreprises désirant employer du personnel;*

*invite le Gouvernement*

*- à déposer un projet de loi exigeant des connaissances en gestion d'entreprise, en comptabilité et en l'élaboration d'un budget adaptées à une entreprise engageant du personnel.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.*

***Motion 4***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que suite à un manque d'informations beaucoup de commerçants passent des contrats avec des personnes peu fiables;*

*- considérant que la diffusion de la liste de protêt a été arrêtée privant ainsi le marché d'une base d'informations sur les difficultés financières auxquelles sont confrontées les entreprises;*

*invite le Gouvernement*

*- à prendre les initiatives et mesures nécessaires pour relancer la publication de la liste des protêts.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.*

***Motion 5***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que beaucoup d'entrepreneurs débutants n'ont pas été formés pour apprécier les risques d'une création d'entreprise;*

*- considérant que beaucoup de faillites trouvent leur cause originale dans les erreurs faites au cours de la phase initiale de l'entreprise créée;*

*- considérant qu'il s'agit d'éviter le gaspillage de fonds publics dans des entreprises vouées à la faillite et d'amener les gérants à réfléchir à la rentabilité des investissements à réaliser;*

*invite le Gouvernement*

*- à imposer à toute société sollicitant des aides publiques, l'élaboration d'un «business plan» sur trois ans et un compte rendu annuel sur l'évolution de l'entreprise à l'autorité publique ayant accordé l'aide.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.*

***Motion 6***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la législation relative à la gestion contrôlée d'une entreprise est souvent inapplicable, notamment alors que l'entreprise n'est pas à même d'en supporter les frais;*

*- considérant que les curateurs de faillite ne sont pas des professionnels expérimentés ou formés spécialement et que leur rémunération ne les invité pas à engager des actions judiciaires pénales ou civiles nécessaires et utiles mais longues et onéreuses;*

*- considérant que les curateurs de faillite et les gérants de sociétés en difficultés, des professionnels de formation universitaire juridique et/ou économique, doivent être rémunérés sur base de la loi sur l'assistance judiciaire ou sur base d'une législation analogue;*

*invite le Gouvernement*

*- à élaborer un projet de loi créant des curateurs professionnels rémunérés adéquatement pour leur travail;*

*- à revoir la législation relative à la gestion contrôlée dans le but de faciliter le recours à la gestion contrôlée, notamment en faveur des entreprises employant du personnel, en s'inspirant de la législation française.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.*

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Patrick Santer agedroen. Den Här Santer huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Patrick Santer *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'Zuel vun de Failliten, den Interpellant huet et gesot, ass an eng Regioun virgedrongen an där een dëst Phenomeen esou lues als bedrohlech muss astufen. Och wann 2002 fir d'éischt zënter Joren d'Zuel vun de Faillitë géigeniwwer dem Joer virdrun nees réckleefeg wor, esou bleift datt bei 700 Betriber, déi och 2002 nach de Bilan deponéiert hunn, d'Politik net ka gläichgülteg bleiwen.

D'Failliten hu vill Ursaachen. Et ka sech ëm kommerziellt Pech handelen, et ka sech ëm e schlecht kommerziellt Konzept handelen, wat keng Friichten dréit nodeems et vill Fräe verschlongen huet, et kann awer och sinn - besonnesch bei deene sëlleche Bréifkëschtegesellschaften ass dat de Fall -, datt einfach emol eng Gesellschaft leie gelooss gëtt bis kee Kapital méi do ass, a wann d'Scholden ze grouss ginn, da gëtt de Bilan deponéiert. Well d'Ursaache vun de Failliten also ganz verschiddenaarteg sinn - kriminell Absicht gehéiert och dozou -, ass et net sënnvoll hei ze vereinfachen an ze kategoriséieren. Et gëtt en aneren Usaz gebraucht fir deem Phenomeen bäizekommen.

Au vu vun der Unzuel vun de Failliten déi hei am Land gesprach ginn, muss ee sech d'Fro stellen ob et elo net ubruecht wier fir eng global Reform vun der Législatioun iwwert d'Failliten unzepeilen. Net datt mer net schonn iwwer eng gewëssen Unzuel vun Instrumenter an eiser heiteger Gesetzgebung géife verfügen, mä et geet drëm se an en anert Liicht ze setzen, se ze aktualiséieren an esou méi effikass ze maachen. Rar sinn nach Betriber déi vum Gesetz vum 14. Abrëll 1886 iwwert de Concordat préventif de faillite oder den Arrêté grand-ducal vum 24. Mee 1935 iwwert d'Gestion contrôlée Gebrauch maachen oder iwwerhaapt kéinte Gebrauch maachen, wat och e Problem duerstellt.

D'Philosophie vun deenen Texter ass awer maßgebend. D'Zil vun enger Gesetzgebung iwwert d'Sanéierung vun Entreprisen, déi finanziell Schwieregkeeten hunn, soll net d'Faillite sinn, dat heescht d'Liquidatioun vum Betrib. Et muss drëm goe fir d'alleréischt de Versuch unzestriewen dëse Betrib ze retten an esou d'Aktivitéit an d'Personal ze schützen. D'Faillite soll nëmmen als Ultima ratio fungéieren, wa keng aner Léisung wéi d'Liquidatioun vum Betrib an d'A gefaasst ka ginn.

Esou schreift de franséische Droitsprofesser Guyon: „L'intolérable n'est pas qu'une entreprise non viable disparaisse, car en raison du principe de la liberté du commerce et de l'industrie aucun contrôle préalable n'existe quant à l'opportunité de la création des entreprises. La liquidation des affaires en cessation de paiement est donc l'inévitable sanction des constitutions imprudentes ou des gestions maladroites. L'intolérable est qu'une entreprise disparaisse alors que sa survie était possible." Dat ass jo da besonnesch wouer wa Leit hir Aarbechtsplaz verléieren, déi se bei enger anerer Virgoensweis net hätte misse verléieren.

Fir dëser Zilsetzung gerecht ze ginn, muss een Iwwerleeungen a folgend Richtungen ustriewen. Un éischter Stell kënnt d'Preventioun. Hei geet et drëms fir Schwieregkeete vermeiden ze kënnen. Et kann ee sech dës Preventioun ënnert zwee Aspekte virstellen. Éischtens muss e Betrib genügend Informatiounen iwwert seng finanziell Situatioun öffentlech zougängeg maachen. Eist Gesellschaftsrecht verlaangt elo scho vun enger Gesellschaft, dass se hir Konten, Comptes annuels a Comptes consolidés um Registre de commerce hannerleeë muss an datt eng Mentioun dovunner am Mémorial publizéiert muss ginn.

Um Niveau vum Mémorial misst d'Prozedur esou geännert ginn, datt esou eng wichteg Publikatioun esou séier wéi méiglech nom Dépôt beim Registre de commerce geschéie soll an net e puer Méint - an da sinn ech nach héiflech - duerno wéi dat haut de Fall ass.

Bei S.àr.l.e misst d'Flicht fir d'Konte vun engem Commissaire aux comptes iwwerwaachen ze loosse verallgemengert ginn. Bis haut mussen nëmmen S.àr.l.e mat méi wéi 25 Associéen esou e Commissaire aux comptes stellen. Bei deenen aneren ass e Commissaire aux comptes net obligatoresch. Et kéint ee sech virstellen, datt ganz einfach all Kapitalgesellschaft, also all d'S.àr.l.en, egal wéi vill Associéë se och hunn, e Commissaire aux comptes misst ernennen.

D'Commissaires aux comptes missten souwuel den Associéë géigeniwwer onofhängeg sinn, awer och déi néideg Beruffserfahrung oder Qualifikatioun virweise kënnen, fir en connaissance de cause hir Missioun richteg ausüben ze kënnen. Jenni a Menni sollten dëse wichtege Posten net einfach esou bekleede kënnen an de Commissaire aux comptes kënnt och weider vum Gesetz responsabiliséiert ginn.

Dat neit Gesetz iwwert de Registre de commerce an d'Informatiséierung vun deemselwechte wäerten et erméiglechen all déi Gesellschaften ausfindeg ze maachen, déi et heiansdo während Joren ënnerloossen iwwerpréifte Konte beim Regëster ze déposéieren. Esou Gesellschaften, déi jorelaang keng Generalversammlunge méi aberuffen oder hir Géranten oder Verwaltungsréit net méi ernennen, kënne kaum seriö sinn a mussen esou séier wéi méiglech liquidéiert ginn, well et se an deenen allermeeschte Fäll an der Realitéit iwwerhaapt net méi gëtt.

Den zweete Volet vun der Preventioun ass d'Suerg no enger sënngerechter finanzieller Basis. Eng Gesellschaft, fir iwwerliewensfäeg ze sinn, muss iwwert déi néideg finanziell Moyene verfügen. Dofir misst ee sech iwwerleeën, ob een net d'Mindestkapital vu Gesellschaften erhéije misst ouni zur selwechter Zäit Gesellschaftsgrënnungen onméiglech ze maachen, wat géint d'Liberté du commerce et de l'industrie géif verstoussen.

Virun allem awer misst een ervirhiewen, datt haut eng Société anonyme mat engem Mindestkapital ka gegrënnt ginn, mä datt d'Aktionäre bei der Grënnung nëmmen ee Véirel vum Wäert vun hiren Aktien anzebezuele brauchen. Dat si ronn 8.500 Euro. Wann déi Gesellschaft bis d'Grënnungskäschte bezuelt, d'Garantie locative gestallt an e puer Bürosmiwwele kaaft huet, vum informatesche Material guer net ze schwätzen, da bleift net méi vill iwwreg fir de Betrib an enger Ufanksphas lafen ze loossen. Dofir mengen ech, datt dat Deelabezuelen an eng Société anonyme verbuede soll ginn. Déi finanziell Basis vu Gesellschafte kéint een och ënnerstëtzen duerch eventuell Steiervirdeeler bei d'Kapitalerhéijungen, sief et um Niveau vun der Gesellschaft oder um Niveau vun den Aktionären.

Et muss och erlaabt sinn, datt eng Gesellschaft seng juristesch Form ännert, fir eng hirer Aktivitéit oder hire Besoinë méi ugepasste Form unzehuelen, ouni iwwerflëssege Pabeierkrich. Dem Gesellschaftsrecht no kann eng Gesellschaft hir juristesch Form ännere an dobäi bleift se déiselwecht Entitéit. Mä souwuel d'Sécurité sociale wéi den Enregistrement verlaangen hei eng nei Immatriculatioun, wat komplett iwwerflëssig ass.

Fir mam Volet Preventioun opzehale verlaange Verschiddener, datt bei der Grënnung vun enger Gesellschaft oder beim Aschreiwe vun engem Geschäftsmann am Regëster e Businessplang virleie soll, deen op zwee, dräi Joer dem Betrib seng Erwaardungen: Investissementen, Chiffres d'affaires, Clienten, Scholden an esou weider oplëschte soll. Ech sti mat gemëschte Gefiller esou enger Fuerderung géigeniwwer. Esou en Dokument kéint jo nëmmen en informative Charakter hunn. Et kéint méi schlecht goe wéi virgesinn, et kéint och besser goe wéi virgesinn oder deels deels.

D'Erfahrungen aus der New Economy hunn dach gewisen, datt jiddferee sech e prächtege Businessplang ka schreiwen. Arrogéiert dann e Ministère oder eng Verwaltung sech d'Recht deen a Fro ze stellen, en ze verbesseren oder ganz ofzelehnen. Dat wier en intolerablen Aschnëtt an d'Geschäftsfräiheet. Den eenzegen Avantage vun enger formeller Exigence vun engem Businessplang ka sinn dem Betribsgrënner emol driwwer nodenken ze ginn, wat hien iwwerhaapt mat sengem Betrib wëllt maachen, an zwar ier datt hien e grënnt.

Wann d'Lag sech verschlechtert, muss den Dirigeant oder de Geschäftsmann drop opmierksam gemaach ginn. An deene beschte Fäll gesäit hien dat selwer, mä wann hien dat net géif maachen, da misst et méiglech sinn datt hien drop opmierksam gemaach gëtt, eng Aart Alerte eben. Dat wier no der Preventioun deen zweete Punkt, deen ech hei wéilt uschwätzen.

Och wann et objektiv gesi keng eenheetlech Kritäre gëtt anhand vun deenen ee ka soen ob e Betrib op Dauer kéint weider lafen oder an eng méi schlecht finanziell Situatioun kéim, da ginn et awer verschidde Kritären déi ee kéint hei opzielen, wéi zum Beispill eng schlecht Rotatioun vum Stock, Problemer mat de Fournisseuren, Kaméidi tëschent den Dirigeanten oder tëschent den Aktionären, oder kuerzfristeg Empruntë fir laangfristeg Projeten ze finanzéieren, oder nach de Verkaf vu profitablen Aktiven.

Hei misst de Commissaire aux comptes oder de Réviseur d'entreprises eng wichteg Roll zouerkannt kréien. Dat erkläert jo och firwat e Commissaire aux comptes prinzipiell sollt bei alle Kapitalgesellschaften agestallt gi wou keng Exigenz fir e Réviseur virgesinn ass. Hie misst d'Aufgab kréie fir den Dirigeant op Problemer hinzeweisen, déi d'Weiderféiere vum Betrib a Fro stelle kéinten, fir datt séier, effikass a richteg Léisunge kënne fonnt ginn.

Esou e Recht oder souguer eng Flicht misst och de Centre commun de la sécurité sociale an d'Steierverwaltung kréien, wann de Betrib regelméisseg keng Kotisatioune respektiv Steiere bezilt. An der Praxis sinn et jo d'Steierverwaltungen an de Centre commun, déi als alleréischt net bezuelt ginn, well de Betrib d'Léin an d'Fournisseure weider wëllt bezuelen.

Wann also zum Beispill eng Verwaltung no der zweeter verpasster Echéance géigeniwwer engem Betrib eng Prozedur déclenchéiere kann déi zu enger Iwwerwaachung an Iwwerpréifung vun deem Betrib ka féieren, da si mer scho méi wäit. Si kënne jo eng Failliteprozedur ustrengen, abee an Zukunft sollten se éischter eng Redressementsprozedur a Gank setzen, fir eventuell nach positiv géigeniwwer dem Betrib ze wierken.

Dacks ass natierlech schonn zu deem Zäitpunkt vun esou enger Interventioun näischt méi ze maachen. An deene Fäll gëtt d'Liquidatioun da beschleunegt, wat am Fall vun total maroden oder quasi inexistente Gesellschafte jo net vu Muttwëll wier.

Fir beim Stat ze bleiwe soll et och méiglech sinn, fir datt e Geschäftsmann oder e Betrib, deen dem Stat Sue schëlleg ass, mä deen zugläich seng Kotisatiounen oder Steiere muss bezuelen, eng Cession de créance mat senge staatleche Créancieren ofschléisse kann. Amplaz vum eigentlechen Débiteur bezuelt ze ginn, wende sech de Centre commun oder d'Steierverwaltung direkt un de Stat. Faillitë kënnte vermidde ginn, wann de Betrib a finanziell Schwieregkeete kënnt, well de Stat net séier genuch bezillt an zugläich de Stat oder d'Keesse Sue wëllen andreiwen.

Iwwert déi Alerte kann dann och vläicht déi drëtt Phas ugaange ginn, an zwar de Règlement à l'amiable. Wa bis d'Cessation de paiement an den Ebranlement de crédit agetratt sinn, dat heescht wa bis d'Gesellschaft oder de Geschäftsmann weder hir Scholde bezuele kënnen, nach Sue geléint kréien, dann ass et dacks vill ze spéit fir eng Sanéierung a Betruecht ze zéien. Dofir mussen all Méiglechkeeten analyséiert gi fir mat de Créancieren zesummen e Règlement à l'amiable ze fannen.

De Concours vun de Créancieren ass an dëser Phas besonnesch wichteg. D'Intérête vum Créancier lafen net drop eraus fir hiren Débiteur an d'Faillite ze setzen. Hinnen ass méi gehollef wann d'Schold vläicht net ganz ausbezuelt gëtt, mä wa se awer en Deel dovunner kréien, amplaz am wierklechen Eeschtfall guer näischt. Esou kënnten och Faillites en cascade verhënnert ginn.

Et muss also drëm goen déi, déi fir d'éischt vu baussen an e Betrib kënne kucken, deen offensichtlech finanziell Schwieregkeeten huet, an e Prozess anzebannen deen op Rettung a Konsolidéierung vun enger brenzlecher, wirtschaftlecher Situatioun ofziilt.

Eis Konzeptioun vun der Faillite a vum Failli, dee just mat Stigmatiséierung vun deem Betraffenen ze dinn huet, muss a Relatioun mat Betriber, déi kënne gerett ginn, wa mat Zäiten intervenéiert gëtt, änneren. Ech weisen drop hin, datt esou e Règlement à l'amiable elo scho méiglech ass. Datt net méi dacks drop zréckgegraff gëtt ass vläicht doduerch bedéngt, datt déi Texter entweder ze restriktiv sinn oder ganz einfach vergiess goufen. Den Débiteur ka vum Geriicht Délais de paiement zouerkannt kréien, wann e Problemer mat engem Créancier huet. D'Texter, déi hei ma?gebend sinn, ass den Artikel 1244 vum Code civil an d'Gesetz vum 18. Mäerz 1915 concernant la protection des débiteurs domiciliés dans le Grand-Duché.

Opgrond vum Gesetz vum 14. Abrëll 1886 kann den Débiteur mat senge wichtegste Créancieren, op kollektiver Basis also, och nach e Concordat préventif de faillite aushandele fir eng Faillite ze vermeiden. Dëst Gesetz, dat 1934 fir d'lescht geännert ginn ass, gesäit fir datt nëmmen den Débiteur esou e Konkordat froen an d'Prozedur, déi mat der Homologatioun vum Konkordat duerch e Geriicht endegt, aleede kann. Wann den Débiteur net wëllt op de Wee vum Konkordat goen, misst et awer de Créancieren erlaabt si fir den Débiteur ze zwénge sech op d'mannst an d'Aushandele vun esou engem Konkordat anzeloossen. Wa kee Konkordat zustane kënnt ass an der Praxis d'Cessation de paiement an den Ebranlement de crédit onauswäichlech.

Dës zwee Begréffer, déi hautzudags den Ufank vun enger Failliteprozedur duerstellen, musse weiderhin den Ausgangspunkt vun enger Prozedur sinn, déi net noutgedrongenerweis op d'Faillite vum Betrib auslafe soll, mä déi éischter eng Sanéierungsprozedur erméigleche soll.

Wéi ech scho gesot hunn, muss d'Faillite nëmmen d'Ultima ratio vun enger Prozedur sinn. Wann e Betrib oder e Geschäftsmann en cessation de paiement oder en ébranlement du crédit sech befënnt, muss vum Geriicht eng Période d'observation opgemaach ginn. Während där Zäit muss analyséiert ginn ob de Betrib nach iwwerliewensfäeg ass. Dës Period kënnt enger Gestion contrôlée nokommen. D'Regelwierk vum Arrêté grand-ducal vum 24. Mee 1935 iwwert d'Gestion contrôlée kënnt hei iwwerholl ginn. Um Enn vun dëser Period, während där all Aktioune géint de Betrib suspendéiert sinn, muss ee feststellen, datt entweder eng Sanéierung méiglech ass oder datt d'Liquidatioun muss gesprach ginn. Fir all Chancë vun enger Sanéierung oprecht ze erhalen, misst den Débiteur, wann en d'Initiativ vun enger Prozedur hëlt, säi Bilan net am Mount vun der Cessation de paiement, mä an deene 15 Deeg beim Geriicht hannerleeën. Dat ass keen einfachen Detail. Dat ass e wichtegt Element dat d'Sanéierungschancen, wann et iwwerhaapt Chancë gëtt, wesentlech erhéije soll.

Wa sech no der Période d'observation keng Iwwerliewenschancen erginn, ass d'Faillite vum Betrib oder vum Geschäftsmann an d'Liquidatioun eng noutwendeg Konsequenz. Bis elo war d'Faillite déi automatesch Suite vun der Cessation de paiement an dem Ebranlement de crédit. Dat soll elo net méi esou sinn.

D'Faillite gëtt da vun engem Curateur géréiert. Et soll een hei d'Geleeënheet benotze fir iwwert d'Qualifikatiounen an d'Honorairë vun de Curateuren nozedenken. E Curateur muss net noutgedrongenerweis en Affekot sinn. Och elo schonn net. Am Regelfall ass et een. Mä fir den Affekoten, déi knapps ee Mount um Barreau ageschriwwe sinn, hier éischt Faillite ze ginn, ass och keng Léisung.

D'Faillitëprozedur muss eenegermoosse séier iwwert d'Bühn goen. Eng vereinfacht Prozedur muss virgesi gi wann de Betrib keng Aktivitéit méi huet. De Créancier muss och an der Faillitëprozedur eng aktiv Roll behalen. De Créancier däerf net waarde fir sech beim Curateur ze mellen. Wann haut zwou, dräi oder vill méi Vérifications de créances stattfannen, ëmmer wann e puer nei Créanciere sech mellen, mä esou Iwwerpréifungen op e Maximum vun zwee festgeluecht ginn, et sief dann d'Geriicht géif nach, an exzeptionelle Fäll awer nëmmen, méi Sëtzunge festleeën. De Créancier dee sech ze spéit mellt hat ebe Pech.

E leschten Aspekt vun der Faillitëprozedur sinn d'Privilegien. Datt d'Salariéen e Superprivileg hunn ass selbstverständlech. Si mussen dëse Superprivileg bäibehalen. Mä d'Privilegien, déi de Stat kritt, mussen agegrenzt ginn. Ech wëll net, wéi an Dänemark dat de Fall ass, all Privilegien ofschafen. Fir datt awer de Stat als Créancier eng aktiv Roll spille kann, däerf e sech net op senge Privilegien ausrouen. Dofir sinn ech der Meenung, datt en déi Privilegien zwar bäibehale kann, awer zäitlech limitéiere soll. Zum Beispill kéint ee sech virstellen, datt d'Créancë vum Stat, déi manner wéi ee Joer al sinn, ënnert de Genoss vum Privileg falen. Déi, déi awer méi wéi ee Joer al sinn, wéi all aner net privilegéiert, also

chirographaire Créancë behandelt ginn.

Här President, et gëtt selbstverständlech déi ganz zahlräich Fäll, souwuel déi allermeescht an der Faillitëstatistik, wou et näischt ze rette gëtt well näischt méi do ass. Domadder mengen ech all déi Sociétés anonymes an S.àr.l.en, déi mam Mindestkapital gegrënnt gi sinn, dacks mat anere Gesellschaften als Grënner, an déi keng wierklech Aktivitéit ausüben oder jeemools ausgeübt hunn. Mat deene Gesellschaften ass d'Verwaltung permanent gehäit a kritt näischt vun hinnen eran.

Ech sinn der Meenung, wann et sech rechtfäerdegt, och bei hinnen zwar de Mechanismus vun enger Alerte unzefänken, dann awer esou datt dee virun allem dozou soll féieren de Misär fréi ze entdecken an en zu engem Enn ze bréngen. An anere Wierder, bei Fantasiegesellschaften déngt d'Fréierkennung vu finanzielle Problemer an eng entspriechend Interventioun vun offizieller Säit dozou séier eng Liquidatioun kënnen an d'Wee ze leeden ier d'Steierscholden an eventuell déi bei der Sécurité sociale iwwerthaapt kënne grouss ginn. Ech soe bewosst eventuell Schold de bei der Sécurité sociale, well dës Zort vu Gesellschaften am Regelfall keng oder nëmmen eenzel Beschäftegter hunn an hir Géranten oder Verwaltungsréit och keng Aarbechtskontrakter mat Gesellschaften hunn. Dat ass och de Grond woufir trotz där beonrouegender Zuel vun de Failliten dëst nach keen dramateschen Effekt op d'Zuel vum Chômage hat. Mä d'Tatsaach, datt et sech bei Scheinfirmen ëm Strukturen handelt déi keng beschäftegungspolitesch Relevance hunn, ass ee Grond méi an och e gudde Grond fir se séier ze liquidéieren, wa se finanziell net eens ginn. Wa se natierlech finanziell net eens wëlle ginn, wann et esou ass datt beispillsweis noweisbar ass, datt eng Gesellschaft ee Joer laang operéiert huet, duerno bewosst mat enger substanzieller TVA-Schold do steet an dann de Bilan deponéiert, dann ass esou e Verhalen deliktuell a gehéiert sanktionéiert.

Generell mengen ech, datt eis soll dru geleeë sinn déi onéierlech Faillitë verstäerkt ze sanktionéieren. Dofir brauche mer net groussaarteg nei legislativ Instrumenter. Eis Gesetzgebung zu Banqueroute a Banqueroute frauduleuse geet hei duer. Mä si muss konsequent ugewannt ginn, wat bedeit datt och d'Justizpersonal, wat mat Failliten ze dinn huet, genee muss Bescheed wëssen iwwert de Mechanismus vu Failliten, hir Normalitéiten an Anormalitéiten. Nëmmen da kann de Gesellschaftspatronen - ech soen hei bewosst net Geschäftsleit, et si jo nëmmen dacks selbsternannte Financieren - och de Prozess gemaach ginn, wann e sech opdrängt.

Här President, mir mussen also dozou kommen, an eisem Ëmgang mat Failliten, tëschent dem Commerçant malheureux de bonne foi an de Jongleuren a Luusspätteren ze ënnerscheeden. Déi eng brauchen Hëllef a verdéngen eng zweet Chance. Déi aner verdéngen eng Sanktioun a brauchen eng Warnung datt se hei net méi kënne maache wat se wëllen ouni Konsequenze missten ze fäerten. Well dat esou ass, wier et nëmme kontraproduktiv fir d'Bedingunge vun enger Néierloossung weider ze verschäerfen, et sief da fir déi Faillitërecidivisten.

Schonn déi aktuell Praxis vun der Verwaltung, déi vun engem Administrateur délégué en Aarbechtskontrakt verlaangt, ass e renge gesellschaftleche Contresens, well d'Fonctioun vun engem Administrateur e Mandat ass dat révocabel ad nutum ass, also ouni Fristen, a keen Aarbechtskontrakt. Do alles mateneen ze vermëschen an ze mengen dat hätt en Afloss op d'Failliten, dat huet kee Wäert. Wat awer Wäert huet ass, wéi ech et beschriwwen hunn, eng konsequent Iwwerwaachung vun der Situatioun vun engem Betrib oder enger Gesellschaft déi a Schwieregkeete geroden an eng sënnvoll Sanctioun wann Onéierlechkeet zu dëse Schwieregkeete gefouert huet.

Mir léise keng Problemer wa mer méi Leit mat alle Mëttelen dovunner wëllen ofhalen e Betrib ze grënnen. Mir léise Problemer wa mer déi richteg Konsequenzen doraus zéien, wa Betriber en faillite ginn. Wa mer et fäerdeg brénge fir Récidivisten an de Gréff ze kréien an déi déi ufänken och wëssen, datt se kontrolléiert ginn, da geet d'Zuel vun de Faillitë vum selwen zréck.

Här President, Preventioun esou wäit wéi méiglech, en Encadrement doriwwer eraus, dat sinn d'Leitlinne vun enger sënnvoller Politik am Zesummenhang mat de Failliten. Mir sollten net de Wee an d'Selbstständegkeet weider erschwéieren, mä d'Leit op deem Wee begleeden. Dozou gehéiert vill. Dozou gehéiert eng anstänneg Zahlungsmoral vum Stat an aneren öffentleche Persoune vum öffentleche Recht, déi Opträg u Betriber ginn. Dozou gehéiert déi zäitlech Réckerstattung vun TVA, wa mer scho vun de Betriber verlaangen hir TVA-Schold un de Stat fristgerecht ze bezuelen. Dozou gehéiert eventuell eng Formatioun vun de Betribsgrënner an där se och op Risiken opmierksam gemaach ginn. Dozou gehéiert ganz sécher eng Geeschteshaltung, déi net méi wéi virun 200 Joer e Failli direkt a selbstverständlech fir en Escroc un der Gesellschaft hält.

Ech hunn eng Partie Pisten opgezeechent, déi kënnen zu engem gewënschten Zil féieren. D'Politik ass sécher net machtlos géigeniwwer vun de Failliten. D'Ambitioun, grad an enger Zäit vu wirtschaftlech schwiereger Lag, muss sinn d'Betriber ze stäipen déi eng Stäip brauchen a Gesellschaften auszezortéieren déi d'Land net méi brauch.

Ech wollt mam Professer Guyon ophalen: „Le meilleur droit des entreprises en difficulté serait donc celui qui permettrait qu'il n'y ait pas d'entreprises en difficulté."

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een d'Virschléi vum ADR an elo vun der CSV héieren huet, a wann een och wahrscheinlech meng Ausféierungen héiert, dann huet een d'Impressioun dass een net esou wäit ewech ass ee vun deem aneren an dass eng ganz Rei Mesurë sech bei deene meeschte vun eis erëmfannen. An da stellt sech ganz einfach d'Fro, ob et dann net einfach de gudde Wëllen ass dee feelt, gudde Wëlle fir dat do ze realiséieren.

Et ass awer zumindest erstaunlech, dass eng gewësse Passivitéit, déi een an dësem Secteur vu Säite vun den Autoritéite feststellt, och nach weider gefuer ginn ass zu engem Zäitpunkt, wou ee sech jo awer scho konnt opgrond vun de Chiffere seriö Froe stellen.

Bis 1999 longe mir ënnert 300 Failliten. Vun 1999 u bis 2002, aus bal net ersiichtlechem wirtschaftlechen Hannergrond, hu mer méi wéi eng Verduebelung vun de Failliten, dat heescht an enger Period wou een awer elo nun net ka behaapten, dass grouss wirtschaftlech Problemer dobausse waren. Do hu mer méi wéi eng Verdueblung op ee Coup, nodeem dass mer iwwer Joren a Joren ënnert der Grenz vun 300 bliwwe sinn. Also eng Explosioun ee Moment. Do muss ee sech awer soen, do ass jo eppes anescht derhannert wéi einfach Problemer déi wirtschaftlecher, struktureller oder konjunktureller Natur sinn.

Wann ech da Chifferen héieren déi den ADR-Interpellant, den Här Gibéryen, hei genannt huet, da muss ee sech einfach d'Fro stellen ob déi Chifferen net grad esou Fantasiechiffere si wéi eenzel Firmen.

Wann ech héieren dass ugesiichts där doter Tatsaach nëmme 5% solle Faillites frauduleuses sinn, da soen ech Iech einfach, dat kann ech net gleewen. C'est tout simplement impossible. Dass et zu enger Explosioun komm ass, ass menger Meenung no gréisstendeels op Scheinfirmen zréckzeféieren, op Faillites frauduleuses, an da kann een net vun engem Prozentsaz vu 5% schwätzen, deen op eemol dorëmmer geeschtert.

***(Interruptions)***

Neen, ech soen net dass Dir de Problem duerstellt. Ech weess net wou Dir déi Chifferen hierhutt. Dir hutt se jo wahrscheinlech vun iergendwou hier, mä ech muss och soen - et suckelt ee sech déi jo net aus de Fangeren - dass ech einfach woen d'Thees opzestellen, dass de Stat sech net d'Moyene ginn huet e seriösen Iwwerbléck ze hu vun de Grënn vun de Failliten an dass mer doduerch och wahrscheinlech net déi Aktioune konnten ënnerhuelen déi noutwendeg waren, well soss ass et jo schwéier ze verstoen dass den Här Boden, deen e Plang do leien huet fir PMEen, deen ënner anerem och beinhalt dass en um Niveau vun de Faillites frauduleuses eppes géif maachen, säit 1999 näischt opweises huet. Firwat? Et feelt eis, hunn ech wierklech d'Impressioun, de Courage fir eenzel Saachen. Mir hunn hei an deem Stat eng ganz Rei Informatiounen déi eis kënnten erlaben, ech wëll net soen den Duerchbléck ze hunn, mä ee gudden Deel vun de schwaarze Schof ze identifizéieren a fréizäiteg anzegräifen. Mä mir maachen et net. Mir wëllen et scheinbar net, an dat fannen ech net an der Rei.

Mir hunn Informatiounen an der Sécurité sociale, bei den direkte Steieren, bei der TVA. D'Protêts-Lëscht, hunn ech héieren, wier, aus Gott weess welleche Grënn, ech weess se net, op eemol verbuede ginn nach an där Form publizéiert ze ginn. Ob een dat gutt fënnt oder net gutt fënnt, sief dohi gestallt.

Mir hunn Informatiounen déi publiques sinn u sech. De Mémorial C ass eppes wat public ass. Probéiert emol eng Recherche ze maachen op d'Nimm. Dann ass dat onméiglech.

***(Interruptions)***

Dann ass dat awer elo eréischt geännert ginn. Mir hate CD-ROMen. Ech ginn net all Dag an de Mémorial C en Numm sichen. Ech schaffen net an där Branche, mä ech muss Iech soen, ech hunn dat do awer probéiert zu Zäitpunkte wou CD-ROMen erauskomm si wou de Mémorial C drop war. Do konnt ee probéieren, et huet ee keng Recherche fäerdeg bruecht mam Numm. Dat heescht, eng Informatioun déi disponibel ass, déi net geheim ass, do si mer net bereet et esou ze maachen dass een den Duerchbléck driwwer kann hu wann eenzel Firmen optauchen. Wann dat haut um Internet méiglech ass, tant mieux, mä dat war virdrun.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Dir gesitt, zënter 1999 ass vill geschitt.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech muss soen, 1997, 1998, wéi déi éischt komm sinn, ass refuséiert ginn dat do ze maachen. Et war onméiglech op den CD-ROMen dat ze fannen.

Une voix.- Et huet geännert.

Une autre voix.- Eng nei Zäit ass ugaangen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Eng nei Zäit?

Dat ass awer de Beweis zu deem Zäitpunkt, dass een net richteg wollt dass een den Duerchbléck kënnt kréien.

Den ADR freet dass, wat de mauvais payeur ubelaangt, déi disponibel Informatiounen, notamment wat de Fiskaldeel betrëfft, dass een deem sollt eng Publicitéit ginn. Dat gëtt et effektiv an Amerika. Et gëtt et och op anere Plazen, an d'Fro ass ob een et hei mécht.

Op alle Fall, wann een et net public mécht en tant que tel, misst et op enger Plaz zesumme kommen, fir dass een effektiv eng Plaz huet déi kann d'Brems zéien. Well wat hu mir? Ech ginn net op déi detailléiert Opschlësselung vun de Failliten an, déi esouwuel de Patrick Santer wéi och de Gast Gibéryen gemaach hunn, mä et ass sécher dass mer ze dinn hu mat enger ganzer Rei verschiddener. Mir hunn déi wirtschaftlech, sief et strukturell oder konjunkturell, bedéngte Failliten, déi mer total mussen trenne vun deenen déi, géif ech soen, op där enger Säit frauduleuses sinn, mam But unique, a wou och iwwerhaapt keng wirtschaftlech Aktivitéit gewollt an hannendrun ass, an d'Faillite frauduleuse ze goen, wou nach eng wirtschaftlech Aktivitéit ass, mä wou et op eemol vill méi einfach ass eng Faillite ze bauen a frësch unzefänken.

Mir mussen also do en Trennstrich maachen a mir mussen eis Clignotante ginn, fir ze gesinn, wann een a Schwieregkeeten ass wirtschaftlecher Natur, awer nach vill méi wann ee gesäit dass Firmen - an do gëtt et e puer Indicateuren qui ne trompent pas - iwwerhaapt net Wëlles hunn dee geréngste Frang ze bezuelen. Mir mussen einfach wëllen, dass déi Informatiounen déi mer hu fréi ausgewäert ginn, dass se op enger Plaz zentraliséiert ginn an dass dann d'Brems gezu gëtt. Wéi mer dat maachen entspriechend de Regele vun engem Rechtsstat, dat solle mer diskutéieren, mä dass mer et solle maachen, dat schéngt mer evident. Et gëtt keen Zweifel drun. Ob dat eng Cellule spécialisée ass, ob dat eng gréisser Publicitéit ass, ech iwwerloossen et deene Leit an der juristescher Kommissioun dat ze maachen.

Et gëtt zwou Steieren - wann ech d'Steieren eleng huelen - déi e ganzt gutt Zeechen dofir sinn. Dat ass d'Lounsteier an dat ass d'TVA. Dat si Steieren, déi net opgrond vun engem Revenu deen een huet berechent musse ginn op eng komplizéiert Aart a Weis, mä hei zitt ee Suen a pour le Compte de l'Etat an et ass ee gebieden déi direkt weiderzeginn. An déi Leit, déi déi net weiderginn, an et ass eng Geschicht vun zwee, dräi Méint, wou een dat ka feststellen, wa se net just um Annuel sinn, mä da si jo d'Montanten, déi engagéiert sinn, och net esou grouss, do mierkt een direkt, dass eppes faul ass. Wann eng Gesellschaft direkt d'office näischt bezilt, da weess een dass dee ganze Match mat der Virsteier gefouert gëtt wahrscheinlech an dass carrément bei deem éischten Deel vun de Faillites frauduleuses et sech ëm Leit handelt déi iwwerhaapt keng wirtschaftlech Aktivitéit Wëlles hunn.

Et préméditéiert. Alles ass fiktiv. Et si Bréifkëschtegesellschaften. Et ass keng Infrastructure opérationnelle dohannert a mir ginn eis d'Moyenen net fir déi ze bekämpfen.

Wann ee kuckt, wat mir säit 1997 hunn, an elo kann een driwwer diskutéiere wéi den Här Weiler, deen net de subtilen Ënnerscheed wollt maachen an de Steieren, wat taxéiert ass a wat net taxéiert ass, da sot mir ob et net eng Indikatioun ass wa mer, wat d'Cessatioun ubelaangt vun de Betriber, 1997 eng Situatioun haten - ech huelen al Frangen, fir dass een e bësse gesäit wat d'Korrespondenz ass - wou d'Betriber 0,5 Milliarde schëlleg waren, haut si mir bei bal 8 Milliarden. Vun 0,5 op 8 Milliarden. Do soll dach kee mer soen, dass an der Zwëschenzäit dat gemaach ginn ass wat noutwenneg war. An do soll och kee mer soen, dass dat just eng Fro vun Taxatioun ass an dass een dat muss nuancéieren, wann een dat duerstellt.

Neen, dat do ass eng Tendenz. A wann een do och Explikatiounen derfir huet, do ass eng Tendenz amgaangen, déi ass verréckt. An de Faillitë gi mer vu 6 bis 7 Milliarden, déi mer nach 1997 oder 1996 vill méi haten, elo op eleng 13 Milliarden TVA, déi nach aussteet. Da seet ee sech: Ma dann hätte mer jo awer besser als Stat, mir géifen eis net nëmmen d'Moyene ginn, mä mir géifen och Suen investéieren an dat do.

Virdrun ass hei d'Fro vun de Curateuren ugeklongen. Mä wann Dir d'Curateuren net anescht bezuelt, da kritt Dir keng Leit déi eppes dovunner kennen an dann hutt Dir kee Resultat. Ech menge mir sinn eis alleguerten eens, ma da kommt mir bezuelen déi Leit emol anstänneg, mä mir wäerte se jo net fonctionnariséieren. Déi Suen, déi de Stat doran investéiert, si gutt investéiert, well déi récupéréiert hien op eng aner Aart a Weis, well wann emol endlech kloer ass an dësem Land, dass een hei net ongestrooft Faillites en cascade ka maachen, dass een net ongestrooft fiktiv Geschichte ka montéieren, dass déi schnell entlarft ginn, da spuert de Stat ganz vill Geld, wou mir haut a Form vu Steieren, Sécurité sociale an Ähnlechem e Verloscht hunn.

A passt op, mir hunn och e Verloscht wann éierlech an anstänneg Betriber ënnert deene Faillites frauduleuses eben do ze leiden hunn, selwer a Mitleidenschaft gezu ginn a selwer herno erëm dem Stat Schued zoufügen, wou ganz oft och nach da Salariéen hannendru stiechen, wat ganz oft bei anere Firmen emol net de Fall ass. Mir mussen also einfach wëllen.

D'Fro ass ob een higeet an eng allgemeng Verschäerfung mécht op verschiddenen Niveauen, esou wéi dat och an de Propositiounen hei ugeklongen ass. Ass et esou dass mir, wat d'Qualifikatioun ubelaangt, einfach alles elo esou héich schrauwen? Ech hu meng Zweifel nach wie vor domadder, well de Problem ass net eleng den Diplom. De Problem ass: Ech kann Universitaire sinn en psychologie an dann e Betrib opmaachen, mä ob ech awer eng Ahnung hu wéi dee Betrib soll fonctionnéieren, dat ass d'Fro ganz oft. Et ass dat spezifescht Wëssen wat menger Meenung no heiansdo feelt, an dat ännere mir net doduerch dass mir einfach ëmmer nëmme wëllen den Niveau an der Luucht halen.

Dat sief eng vun de Méiglechkeeten, mä, wéi soll ech soen, mir verbauen a verbarrikadéieren awer enger Rei Leit dat, déi gewëllt sinn eppes ze maachen, déi sech wëllen eropschaffen an déi sech wëlle weiderbilden. Dofir froen ech mech ob et net eng savant Mëschung muss sinn aus enger Formatioun, déi ee ka kréien an déi ee vläicht net huet, vu dass d'Ecole de la deuxième chance jo net méi gewënscht ass, mä dat do wier och eng Form vun Ecole de la deuxième chance, dat heescht dass se kënne weisen dass se sech engagéieren eng Weiderbildung ze maachen an dass se domat awer net de Wee verspäert kréie wa se vläicht net deen Diplom hunn dee mir eis virstellen.

Eng weider Verschäerfung wier déi, wa mir géifen d'Kapital eropsetzen. Dat ass richteg, ech si selwer eng Kéier zu där Konklusioun komm dass déi meescht Betriber ënnerkapitaliséiert sinn, esou dass wann nëmmen, och wann et net eng Faillite frauduleuse wëllt ginn, eng kleng Affär doniewent gesat ginn ass, sief et an der Moudebranche, dass eng Kéier dat, wat

een akaaft huet, näischt bruecht huet, een dann um Réck läit. Da kënnt een zur Konklusioun an et seet een: Mir sinn ënnerkapitaliséiert.

Op där anerer Säit muss ech lech awer soen: Och eng Verdueblung vum Kapital bréngt somme toute näischt, well et ass och net d'Verdueblung vum Kapital déi mat sech bréngt dass dee Betrib eng besser oder eng vill besser Assise hätt, déi vill méi seriö ass. De Problem ass och deen, dass déi Suen - de Patrick Santer huet et ugeschwat - emol net au départ ëmmer direkt alleguerte mussen disponibel sinn. Wa se disponibel si stellt ee fest, dass se kuerz duerno souwisou verschwonne sinn. Déi Sue sinn da meeschtendeels iwwerhaapt net méi do a vun Eegekapital ass an där Form net méi vill Rieds.

Ech hu mer op eemol eng Fro gestallt, och am Steierlechen, wéi ech mer iwwerluecht hunn dass Eegekapitalbildung en Zil misst sinn, wat mir eis ginn. Mir si bei der Diskussioun iwwert d'Besteierung vun de Betriber e Wee gaangen, deen de Wee vum Affichage war, an hunn drasteg eisen IRC, eis Kollektivitéitssteier, erofgesat. Fir déi, déi sech kënnen drun erënneren: Ech hunn drop opmierksam gemaach, dass ech léiwer gehat hätt mir wieren op zwou Stufe gaangen, eppes wat et a Länner gëtt, mä wat mir am Moment nach net hunn. Dass een eng Besteierung huet fir e Gewënn deen ausgeschott gëtt an dass een eng Besteierung huet déi natierlech vill manner héich ass fir Gewënner déi net ausgeschott ginn an déi am Betrib bleiwen, wat e richtegt Encouragement fir d'Eegekapital am Betrib hätt kënne sinn. Mir sinn deen anere Wee gaangen, dee vum Affichage, vun engem groussen Erofsetze fir all Gewënn deen an engem Betrib kënnt. Ech weess net ob et dee richtege Wee war an ob een net hätt kënnen d'Eegekapital anescht ënnerstëtzen.

Mam Businessplang - do muss ech dem Patrick Santer Recht ginn - hunn ech meng Zweifel. Ech kann ee fannen, dee mir dee schéinste Businessplang ka schreiwen, an ech foutéiere guer näischt, an ech weess wéi ech den Trick maache fir dass ech zu mengem Geld kommen. Zumindest kanns de soen, dann huet hie sech alt fënnef Minutte missen dohinner setzen a sech Gedanke maache fir zumindest een ze sichen deen him e Businessplang mécht, mä ech weess awer net ob et d'Solutioun als solches ass.

Ech menge schonn, dass d'Iddi vum Commissaire...

***(Interruption)***

Jo, mä och d'Banke lafen domadder bäi. Also d'Banke froen net nëmmen de Businessplang, d'Banke froe Garantien. Déi sinn net blöd. Déi froe Garantien an dat ass dat Eenzegt wat hëlleft. Dat heescht, wann ech herno mat mengem Privatverméigen dofir haften, dann ass dat wesentlech méi sécher wéi dat wat e Businessplang kann duerstellen. Also ech soen net dass dat schlecht ass, mä ech mengen et ass net do wou mir d'Solutioun leschtendlech siche ginn.

Ech menge schonn, dass et besser ass an der Surveillance eppes ze änneren. D'Regel vum Commissaire aux comptes ëmzeänneren, mengen ech, ass eng vill besser Richtung. Ech muss soen, vu dass ech dat Mandat net ausgeübt hunn, froen ech mech wéi d'Definitioun vun deem Mandat ass a wat deen ze dinn huet. Wat fir eng Obligatiounen huet hien eventuell? A wat fir eng Informatiounsflicht a perséinlech Responsabilitéit huet hie wann hien eppes net mécht, wann hien eppes net weider gëtt un déi Stellen déi u sech sollen déi Clignotantë géréiere mat deene mir kéinte feststelle wéini dass d'Problemer optauchen?

Sécherlech ginn et där Betriber déi staark Hëllefe vum Stat kritt hunn - a mir wëlle jo, dass a Risikokapital investéiert gëtt - an heiansdo eben hänke bleiwen. Dat wësse mir. Mä ech mengen dass d'Informatiounsflicht vun deene Betriber e bësse méi grouss muss si vis-à-vis vun deem deen him gehollef huet, nämlech der öffentlecher Hand. Ech hu gesot, dass mir eng Verschäerfung onbedéngt mussen erbäiféieren. Ech weess net - ech kann et net aschätzen, well ech net d'Praxis op den Tribunaler genuch verfollege kann - ob d'Verschäerfung vun der Législatioun en général, wat d'Failliten ubelaangt, noutwenneg ass oder ob et net de Problem ass, dass mir e gudden Deel vun Dispositiounen hunn déi haut scho gutt sinn, mä déi net applizéiert ginn, an dass mer éischter op deem Niveau musse schaffen an dat redresséiere wat ze redresséieren ass. Ech kann dat net esou novollzéien, mä op alle Fall mengen ech dass mer schonn e ganze Koup Moyenen hunn an dass mir eis awer déi Moyenen net ginn.

Eng vun deene Forme vu Failliten, déi méi verstoppt frauduleuse ass, fänkt awer u sech ëmmer méi breet ze maachen. Dat ass déi, wou s de eng eigentlech wirtschaftlech Aktivitéit hues, mä wou s de op eemol gesäis dass de net erauskënns, aus Gott weess welleche Grënn, well s de vläicht um héije Fouss gelieft hues, well s de och ee Moment Schwieregkeeten has a wou d'Solutioun net déi ass selwer Efforten ze maachen, selwer dech beroden ze loossen, mä dech carrément a Faillite falen ze loossen an iergendwou anescht erëm frësch unzefänken.

Déi Leit hunn net préméditéiert dat dote gemaach, mä hunn et op eemol als Solution de facilité ugesinn. Déi Solution de facilité ass jo och schonn opgedeckt gi vun der Confédératioun du Commerce. Et misst ee jo bal soen, dass a Managementschoulen an op eenzelne Schoulen ee jo scho bal geschwë misst de Leit de Vademekum gi wéi een esou eppes mécht, well wann net duerchgegraff gëtt, da sinn et herno nach just d'Daboen déi net deen dote Wee wëllen ergräifen.

D'Honorabilitéit, déi un esou enger Faillite hänkt, do sinn ech och der Meenung dass mer déi zweefach kucke mussen. Ech hu kee Problem domat wann een aus Iwwerzeegung eppes gemaach huet wat schif gaangen ass an een him net kann noweisen - mä dat muss een dann awer och kontrolléieren - dass Malversatioun hannendrun ass, dass deen dann eng zweet Chance roueg soll kréien. Mir hu ganz bekannt Beispiller op der Welt vu grousse Leit, grousse Firmen, déi och en zweeten, drëtten Ulaf gebraucht hunn a virdrun eng Kéier Faillite gaange sinn, mä et muss ee sech eben d'Moyene gi fir ze kucken, déi eng vun deenen aneren ze trennen. An ech hunn d'Impressioun, dass mir dat net richteg wëlle maachen.

Ech muss och soen, wa mir schwätzen iwwer Retards de paiement, dann ass et inadmissibel wat de Stat sech trotzdeem och op där doter Säit erlaabt. Den ADR schwätzt vu Kompensatioun. Ech hat dat och eng Zäit als Wuert dauernd am Mond, mä ech hu mech beléiere gelooss. Dat ass eng besser Aart a Weis héchstens fir eng Neutralisatioun, well eng Kompensatioun ganz oft viraus schéckt, dass dat wat indiquéiert ass als Créance oder esou net definitiv onbedéngt muss sinn. Dat heescht, dass de net brauchs eng Schold ze bezuele well s de op enger anerer Plaz eppes kritt hues.

Ech kennen de juristeschen Term net, mä d'Steieren hu mir gesot, dass et eng Neutralisatioun an net eng Kompensatioun wär, well d'Kompensatioun géing bedéngen dass de am Fong geholl e gewëssene Montant vun enger Créance akzeptéiers. Ech kann dat net jugéieren, dat si juristesch Spëtzfëndegkeeten déi hei net noutwendeg sinn. Wann ee sech géing driwwer eens ginn, dass een esou eng Stell hätt déi ee kënnt ufroen, wann ee wierklech kann noweisen dass een esouvill vum Stat zegutt huet an op där anerer Säit forcéiert gëtt TVA a Steieren ze bezuelen, dass zumindest de Paiement dovunner neutraliséiert gëtt ouni Zënsen.

Ech héiere vun der Verwaltung, dat wär alles onméiglech. Wat awer haut op de Banke méiglech ass mam informatesche Background, misst dach och an de Verwaltunge méiglech sinn. Do muss de politesche Responsabelen einfach soen, dass en dat elo gären hätt an dass en dann och dofir suergt, dass et duerchgefouert gëtt. Dat ass, menger Meenung no, net geschitt.

Da bei der TVA. Déi Tendenz, déi sech do weist ass dramatesch, mä et ass schwéier de Betriber et kloer ze maachen. Do kann een och honnert Explikatioune ginn. Op eemol hunn d'Betriber wäit aus méi Geld ze kréien, wéi se ës dem Stat schëlleg sinn. Et kann een do all méiglech Explikatioune fannen, mä et besteet awer déi Tendenz, déi total ëmgedréint ginn ass säit 1997. Si ass total an déi aner Richtung gaangen. Soss waren d'Betriber dem Stat méi schëlleg wéi de Stat huet missen zréck bezuelen. Elo ass et ëmgedréint. Do soll awer ee mir erkläre wéi dat méiglech ass an ob do net de Stat selwer ufänkt mauvais payeur ze ginn. A wann dat net de Fall ass, da soll e sech d'Moyene gi fir dat ze änneren.

Ech menge schonn dass och an eisem Faillitëgesetz, wann eppes ze kucken ass, ech kann dat net esou jugéieren am Detail an an de Nuancen, mä dat wär d'Gestion contrôlée, esou wéi se gesi gëtt am Ausland, déi jo awer drop aus ass fir nach e Redressement vun där Gesellschaft, wann et noutwendeg a méiglech ass, erbäizeféieren anstatt direkt eng Faillite ze schwätzen. Well wann ee sech virun Ae féiert wat awer bei eenzelnen Asätz, déi am Moment gemaach ginn, geschitt, ënner anerem bei Beschlagnahmungen, Ventes aux enchères, dat ass déi rengsten Dilapidatioun vun engem Patrimoine, déi do geschitt. Mir hu jo e puer Beispiller héieren, déi elo net onbedéngt mat Failliten direkt ze dinn hunn, mä wann ee gesäit wat op deenen Enchèren awer heiansdo vu krommen Touren, a mengen Aen, gedréit ginn, zum Beispill dass Saachen, déi awer eng gréisser Valeur hunn, op eemol dilapidéiert do ginn aus Gott weess welche Grënn, da muss een och do kucke fir dat ze redresséieren.

***(Interruption)***

Ech hu gesot, dass d'Banke sech d'Méiglechkeete ginn hunn, ënner anerem dass se Garantië froen.

Et ass gesot ginn, mir missten d'Privilegie vum Stat iwwerdenken. Et wär vläicht keng falsch Iddi wann ee seet d'Privilegie vum Stat, déi spille wann de Stat selwer sengen Aufgaben nokomm ass. Kuckt emol déi laang Oplëschtung vun den Arriéréen iwwer Joren. Ass dat normal? Haut fänke se u méi streng ze ginn, mä laang Zäit ass jo guer näischt geschitt, dat heescht de Stat huet net déi Moyenen, déi en huet, agesat fir un déi Suen ze kommen. Do stellt sech wierklech d'Fro, ob net een Deel vun senge Privilegie fleete geet, well en net déi Aktioune gemaach huet déi noutwendeg waren zu engem fréien Zäitpunkt, fir dat ze évitéieren. Dat ass déi Fro, déi ee sech wierklech muss stellen. Ob dat ass, wéi den Här Santer gesot huet, schonn no engem Joer, kann ech elo net esou aschätzen. Den Här Gibéryen huet gemengt, wann ee se net public gemaach huet, wann ech dat richteg verstanen hunn, déi Créancen déi do sinn, dass se dann net spillen.



Also wat fir ee Moyen dass ee sech gëtt, well mir jo do de Wee vum Secret fiscal hunn, wou mir Schwieregkeeten hunn, wa mir elo total erëmshiften, vläicht awer misste se op enger Plaz, déi eng staatlech Plaz kéint sinn, gemellt sinn. Et misst een zumindest och Informatiounen doriwwer kréien, och bei de Marchés publics, well haut si ganz vill Leit, déi hunn ës sat bei Marchés publics en concurrence gesat ze gi mat Leit déi absolut hir Steieren net bezuelen an och net hir Securité sociale. Se gëtt net applizéiert déi Regel do, och wa se am Gesetz steet. Et gëtt der, déi hunn ës déck voll sat.

M. le Président.- Den Här Weiler wëllt lech onbedéngt eng Fro stellen.

***(Assentiment)***

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Et ass ganz schéin, wann den Här Krecké hei exposéiert, dass wann de Stat méi schnell a méi effikass a verschiddene Situatioune virgaange wär, mä ass en dann awer och net der Meenung, dass an där Hypothees et vill méi schnell an op vill méi eng brutal Aart a Weis zu supplementare Faillitë komm wär, notamment och vu Betriber wou mir net wëllen dass se a Faillite gaange wären?

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här Weiler, ech weess net ob Dir mal intentionné sidd, mä wann een zu engem Datum X, dat kann den 1. Januar nächst d'Joer sinn, seet: Lauschtert um Niveau vun der TVA, do geet et net méi wéi an de Jore virdrun, elo gëtt direkt agezunn. Dir hutt eng Période de tolérance, awer da gëtt agezunn. Ass dat net de Fall, gëtt et Zënsen. Bezuelt Der net no zwou, dräi Kéiere wou ze bezuelen ass, da gräife mer duerch.

Wa mir dat de Leit géinge soen a mir géingen et och konsequent duerchzéien, an net nëmme Strofen ausdeele wa se eleng hir Deklaratioun net ofginn hunn. Dat ass jo d'Gefor, dass op eemol duerchgegraff gëtt a mir all déi Milliarden déi nach aussti siche ginn, mä dass mir déi Milliarden déi nach aussti quasi mat engem Sozialplang bei all eenzelne Betrib lues a lues andreiwen. Mir mussen dach eng Kéier ufänken e Strëch ze maachen. Dat versteet dach jiddereen. Et kann dach kee mer soen, dass e Betrib a Schwieregkeete kënnt, wa mir muer décidéieren déi TVA, déi de Betrib anzitt, no zwee an engem halwe Mount direkt anzekasséieren. Punkt fäerdeg.

***(Interruption)***

Also kann do kee Betrib an d'Faillite kommen, wa mir him dat soen, a mir maachen et konsequent, a mir kucke beim deem Betrib, wou de Stat a seng Administratioun och hir Responsabilitéit hunn, dat zréckzeverfollegen. Mir hu jo besser, mir maachen en Arrangement wéi dass mir se effektiv an d'Faillite puchen.

Dat hunn ech elo schonn e puermol gesot, dass een op zwou Pistë muss fueren an dass een et eng Kéier muss ufänken, mä mir fänken net un. Ech hunn lech et 1997 proposéiert, an Dir hutt et net gemaach. Dir maacht et haut nach net. Et heescht eng Kéier ufänken a soe vun elo un ass et esou, an alles wat zréck läit, dat vergiesse mer net, mä dat probéiere mer lues a lues eran ze dréiwen. Dann ass kee Mënsch a Gefor, dann huet kee Schwieregkeeten. Ech mengen, dann hätte mir och e rouegt Gewëssen.

***(Interruption)***

Ech hu mech net amëséiert hei eenzel Betriber opzezielen. Ech weess net, Här Weiler, ob dat eppes bréngt, wann Dir elo mir hei wëllt iergendee Betrib nennen, dee mir nëmme vun no a vu fern mam Numm kennen. Dat doten ass dach keng Diskussioun.

***(Interruption)***

Et ass bëlleg dat doten, éierlech gesot.

Bon, wat d'Responsabilité personnelle ubelaangt vun deenen eenzelnen Acteuren déi en cause sinn…

***(Interruption)***

Iwwregens, wann Dir e Problem hutt mat menger Démarche, da frot den CSV-Spriecher deen op dëser Tribün gesot huet: D'Privilegie vum Stat misste schonn no engem Joer verfalen. Wat heescht dat dann anescht? Also do war ech awer nach méi coulant, géif ech soen, a ginn éischter kucke wou an der Saach den Ursprung ass a ginn zwou Solutiounen anstatt nëmmen eng an där doter Fro. Ech mengen, de Patrick Santer war do, an Ärem Numm anscheinend, wesentlech méi rabiat.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Solle mer net de ganze Stat ofschafen?

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- De Stat huet Obligatiounen an e soll deenen nokommen. Dat heescht, en huet eng Obligation de surveillance an anzegräifen. A wann en dat net mécht soll e seng Privilegie verléieren. Mä wann en dat mécht, hunn ech kee Problem dass d'Privilegie weider bestoe bleiwen. Domat hunn ech kee Problem, mä en huet Obligatiounen deenen en net nokënnt.

Här President, ech weess dass Dir mir schonn eng Zäitchen hei mat rout blénkt, wat normal eng léif Faarf - zumindest fir mech - ass, mä ech verstinn an ech wëll mech un d'Zäit halen.

Wat d'Poursuiten ubelaangt an d'Partie économique, do ralliéieren ech mech enger Rei vu Propositiounen déi virdru gemaach gi si vum Patrick Santer. Dat eenzegt wat ass: Mir mussen de Wëllen hunn eppes ze maachen. Mir mussen eis d'Moyenen dofir ginn. Wa mir dat net maachen aus fadenscheinege Grënn, wéi mir et bis elo gemaach hunn, da brauche mir eis net driwwer ze wonneren an eis hei net driwwer ze lamentéieren. Mir hunn d'Méiglechkeeten, mir brauchen et just ze maachen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech op eng Bemierkung agoen déi den Här Gibéryen hei gemaach huet, wou e gesot huet dass et net eng gutt Situatioun wär, dass d'Stagiairë Curateur vu Faillitë géife ginn. Ech wëll just soen, dass e Stagiaire och Commissions d'office vum Bâtonnier kritt, dat heescht och Scheedunge mécht a Pénalsaffairen, wou aner Saachen am Spill sinn.

Ech weess net wat dat wëllt heeschen, dass e Stagiaire am Fong guer näischt méi dierft maachen, Här Gibéryen, mä jiddefalls als Stagiaire fannen ech mech getufft. Ech weess, dass et net flott ass fir vill Stagiairë Failliten ze maachen, mä geheit se net all an een Dëppen. Et gëtt verschidde Leit déi hiert ganzt Liewe laang jo Stagiaire sinn an déi ni den Avoué maachen. Ech weess net ob déi iwwerhaapt eng Etude jee opmaachen. Här Gibéryen, Dir kënnt an Ärer Fraktioun jo nofroen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei an der Chamber schonn öfters iwwert de Problem vun de Faillitë geschwat.

***(Interruption)***

Merci, Här Gibéryen.

Ech wëll just soen, ech wëll net de Biftek vun de Stagiairë verteidegen, Här Gibéryen, mä geheit se net all an en Dëppen. Dir hutt och eng Kéier missten ufänke mat goen.

D'DP huet un dësen Debatten ëmmer mat konstruktiven Iddien deelgeholl an huet sech schonn intensiv mat der Problematik ausernee gesat. Wa mir dës Diskussioun hei féieren, solle mer net ze schnell a falsch Schlussfolgerungen zéien. Wat ech domadder wëll soen ass einfach, dass mir eis an eiser Analys mat all de Facettë vun där komplexer Problematik auserneesetze mussen. Et soll net d'Impressioun entstoen, d'konjunkturellt Ëmfeld wär den eenzege Facteur deen d'Zuel vun de Failliten erkläert. D'Zuele weisen nämlech genau de Géigendeel. An engem wirtschaftlech schwierege Joer wéi 2002 ass d'Zuel vun de Failliten nämlech gefall. No de leschte statisteschen Donnéeën hate mir am Joer 2002 ronn 600 Failliten. Dat sinn der wuel 100 manner wéi dat d'Joer virdrun, mä nach ëmmer vill ze vill fir eist klengt Land.

Ech wëll domat net behaapten, dass e schwaacht ekonomescht Ëmfeld der Firmegrënnung net schuet. Ech wëll just nach eng Kéier ënnersträichen, dass iwwerstierzten Aussoen a Konklusiounen eis net weider hëllefen d'Problematik vun de Failliten an de Gréff ze kréien. Verschidde Leit hunn hei gesot, dass zum Beispill eng Verdueblung vum Kapital eng Léisung wier. Et kann ee sech d'Fro stellen, ob et wierklech néideg ass, dass en Elektriker…

***(Interruptions diverses)***

…elo eng Millioun brauch fir säin Elektrikerbetrib opzemaachen. Ech fannen, dass et nach vill ze fréi ass fir ze soen ob dat déi richteg Léisung ass. Et soll een de Pro an de Kontra analyséieren, ob dat wierklech néideg ass. Ech si ganz averstanen, dass bei verschiddenen S.A., wann een nëmmen e Véirel muss libéréieren…

***(Interruption)***

Ech sinn net Statsminister, Här Gibéryen, ech schwätzen hei a mengem perséinlechen Numm, an da loosst mech w.e.g. schwätzen.

An enger S.A. muss jo nëmmen e Véirel libéréiert ginn, dat heescht mat 340.000 Frang kann een hautdësdags eng S.A kreéieren, a verschidde Leit mengen et wier eng Léisung wann ee géif d'Kapital erhéijen, dass da manner Unfug géif gedriwwe ginn, awer op där anerer Säit muss een da soen, dass dat och eng Limite ass fir den Développement vun de Betriber.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a mengen Ae brauche mir Gesetzer an Institutiounen, déi de Firmen hëllefe bei der Grënnung, se ënnerstëtze während hirem Liewen an awer och sécherstellen, dass alles korrekt ofleeft bei hirer Opléisung. All Faillite ass eng Niderlag, op wirtschaftlechem an op sozialem Plang. Eng Firma mécht Faillite, well d'Iddien, op déi se sech baséiert huet, aus wirtschaftlecher Siicht net viabel sinn, si mécht Faillite well se sech net ka vis-à-vis vun hire Konkurrenten duerchsetzen oder well hir schwéier Feeler an hirer Gestioun ënnerlaf sinn, wou heiansdo jo och d'Responsabilitéit vum Failli ganz oft mat an d'Spill ka kommen.

Erëm kënnt de Stat higoen an déi Firmen duerch divers finanziell Réanimatiounsversich um Liewen halen. Domat géif en awer deenen anere Firmen, déi an deem Beräich täteg sinn, schueden. Aus gesamtwirtschaftlecher Siicht géife mir domat der Industrie keen Déngscht erweisen. Mat esou enger Politik schafe mir sécher keng nei Aarbechtsplazen, am Géigendeel.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Vereenegt State vun Amerika gi vu ville vun eis als Modell vun der wirtschaftlecher Innovatioun ugesinn. Néierens schéissen esou vill nei Firmen aus dem Buedem a gëtt d'Innovatioun esou liicht an direkt belount wéi an Amerika. Et ass awer och interessant festzestellen, dass et néierenswou soss op der Welt esou vill Faillitë gëtt wéi an Amerika. Et kann een e grousse kulturellen Ënnerscheed tëschent Europa an Amerika feststellen. An der amerikanescher Firmekultur ass eng Faillite zwar och e schwéiere Réckschlag an enger professionnell Carrière, mä si ass nëmmen e Réckschlag a keng Niderlag mat schwéiere Konsequenze fir déi zukünfteg Carrière. Esou ass et net rar, dass Manager vun deene sougenannte „success-stories" an Amerika an hirem professionellem Parcours schonns déi eng oder aner Faillite matgemaach hunn.

Eng effikass an dynamesch Wirtschaft léisst och Feeler zou. D'Faillite ass en Ageständnis vun esou engem Feeler. Oft schéngt et awer och wéi wann d'Faillitë mindestens zum Deel eng Zort vun natierleche Regeneréierungsprozesser vun der Wirtschaft wieren, fir d'Qualitéit u sech ze erhalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Demokratesch Partei ass d'Wirtschaftspolitik ëmmer als Ganzes ugaangen. Aus deene Grënn, déi ech elo erkläert hunn, huet si ni probéiert den Débat vun de Failliten ze isoléieren, mä gesäit dës Problematik aus enger méi globaler Perspektiv. Wéi ech virdrun ënnerstrach hunn, geet et eis drëms e Kader ze schafen, deen d'Firmen ënnerstëtzt bei der Grënnung, während se erfollegräich fonctionnéieren, mä awer och am Fall vun enger Faillite d'Firma gerecht opzeléisen. Mir wollten ëmmer verhënneren, dass duerch oniwwerluechte Moossnamen et nach méi schwéier gëtt nei Firmen ze grënnen. Déi automatesch Maartmechanisme musse richteg kënne fonctionnéieren. Gutt Iddien, Geschäftssënn a wirtschaftleche Courage sollen an eisem System belount an ënnerstëtzt ginn. Esou ënnerstëtzt d'Demokratesch Partei, wéi si dat an engem Positiounspabeier vun 1998 festgehalen huet, d'Initiativ vun engem Service création d'entreprise, deem seng Missioun et ass déi Leit, déi wëllen e Betrib grënnen, ze ënnerstëtzen.

Ech wollt hei awer och nach eng Kéier op déi Aarbecht hiweisen, déi vum Wirtschaftsminister, dem Här Henri Grethen, an deem Dossier Firmegrënnunge geleescht gëtt. Seng Efforte weisen erëm d'Politik vun der DP, déi den Dossier Wirtschaft als Ganzt ugeet. Esou goufe vun dëser Regierung déi öffentlech Hëllefe fir d'Existenzgrënnung weider ausgebaut. Hei hëlleft d'SNCI och elo verstäerkt deenen Entrepreneuren, déi zwar net dat néidegt Kapital, mä d'Qualifikatiounen an d'Beruffserfahrung mat sech bréngen.

Och wollt ech ënner anerem op de Projet ECOSTAR hiweisen, dee vun eisem Wirtschaftsminister an d'Wee geleet gouf. Hei gëtt den Entrepreneure vill konkret Starthëllef ugebueden, fir hinnen et ze erméiglechen hir Firma vun Ufank un op zolidd Féiss ze setzen. An eisen Ae fänkt nämlech d'Preventioun vun de Faillitë scho bei der Grënnung vun der Firma un, an a mengen Ae setzt de Minister Grethen och hei déi richteg Akzenter.

An den Ae vun der Demokratescher Partei ass d'Formatioun vun den Entrepreneuren och eng wichteg Moossnam fir d'Firma méi kompetitiv ze maachen an esou Failliten ze verhënneren. An dësem Kader droen déi rezent Propose vun eiser Educatiounsministesch a vum Life long learning sécher dozou bäi, eis Firme méi iwwerliewensfäeg ze maachen. Wann ee sech nämlech d'Failliten zu Lëtzebuerg méi am Detail ukuckt, stellt ee fest, dass déi meeschte Betriber sech an de Branchë vu Commerce de gros an dem Intermédiaire, esou wéi am Secteur vun der Konstruktioun erëmfannen. D'Chambre des Métiers huet schonn am Joer 2000 drop opmierksam gemaach, dass hiren Domän net esou massiv betraff ass wéi anerer. Hir Explikatioun zu der Situatioun kënnt eis e puer Hiweiser drop ginn, wat ee muss maache fir d'Failliten ze verhënneren.

Esou huet se schonn deemools drop opmierksam gemaach, dass eng gutt Formation de base vun de Chefs d'entreprise, wéi och eng zolidd Formation continue wichteg wäre fir d'Gestioun vun enger Entreprise ze garantéieren. Niewent dem Astelle vu fachkompetentem Personal muss en Dirigeant vun enger Entreprise dat néidegt Wësse besëtzen, fir säi Betrib och ze féieren. Laut enger Etüd aus dem Joer 1999 vum däitschen Handwerkschaftsinstitut Göttingen huet Lëtzebuerg mat 76% déi beschte Chancen d'Existenz vun enger Entreprise iwwert déi fënnef éischt a schwieregst Joren ofzesécheren. An Däitschland sinn et 66% an a Frankräich nëmmen 41%. Dës Zuelen erkläre sech ganz einfach. A Lëtzebuerg an an Däitschland brauchen d'Leit e Brevet de maîtrise, dat heescht de Bewäis dass si souwuel d'professionnell Kapassitéiten, mä och d'Gestioun vun enger Entreprise geléiert hunn.

D'Formatioun léist awer nëmmen en Deel vun deem Problem. Oft ass et nämlech esou, dass jonk Entrepreneure sech Hals iwwer Kapp an eng Firmegrënnung stierzen, ouni hire Projet awer am Detail duerchduecht ze hunn. De Minister Boden hat a sengem PME-Plang, deen hien 2001 virgestallt huet, ënnerstrach, dass d'Betriber sollen e Businessplang erareeche fir eng Genehmegung ze kréien. Et ass d'Meenung vun der DP, dass esou e Coaching vun de jonke Betriber muss gemaach ginn. Natierlech ass et awer schlussendlech de Maart selwer deen décidéiert ob sech eng Firma duerchsetzt oder net. Et geet also net drëm iwwert d'Iddie vun den Existenzgrënner ze jugéieren, mä et geet dodrëm déi allergravste Feeler ze verhënneren.

Mir gleewen nach ëmmer méi un d'Notioun vum Encadrement wéi un eng Administratioun déi Afloss an d'Firmegrënnung hëlt.

Meng Kolleegin Simone Beissel hat jo schonn an deem Kontext nogefrot, wéini eist Faillitëgesetz reforméiert gëtt, mat Schwéierpunkt op d'Gestion préventive de faillite. Ech hunn einleitend gesot, dass sech d'DP scho laang dofir asetzt, fir an dëser Problematik endlech konkret anzegräifen.

An hirem Wahlprogramm huet d'Demokratesch Partei awer och ënnerstrach, dass alles muss gemaach gi fir d'Faillitë vun der Entreprise esou gutt wéi méiglech ze verhënneren, well de wirtschaftlechen an de perséinleche Schued grouss sinn. Mir sinn awer och der Meenung, dass an deem heitege Gesetz iwwert d'Failliten nach Problemer sinn.

Als tätegen Affekot sinn ech konkret mat deene juristesche Lacunë vun eisem Faillitëgesetz konfrontéiert, an dës Problematik ass net nei. Am Géigendeel, et gouf schonn 1998 vun der Demokratescher Partei eng ganz Rei vu Virschléi gemaach fir dat zoustännegt Gesetz iwwert d'Failliten ze verbesseren. Am Accord de coalition ass festgehale ginn, dass d'Gesetz iwwert d'Faillitë reforméiert gëtt fir et den ekonomesche Realitéiten unzepassen a fir de Schued, dee bei de Créancieren entsteet, ze vermeiden.

Wann ech elo iwwert d'Faillite frauduleuse schwätzen, kommen ech natierlech net derlaanscht fir och op de Problem vun der Ënnerbesetzung vum Parquet économique opmierksam ze maachen. Et schéngt, wéi wa bei deem leschte Concours fir Engagementer bei der Magistratur awer elo véier oder fënnef nei Leit engagéiert gi wären, an déi wäre bei de Parquet économique gesat ginn. Ech wier frou wann de Minister mer dat kënnt bestätegen, jo oder neen, mä dat wier jo da schonn eng gutt Saach.

Et muss een awer och soen dass d'PJ ënnerbesat ass. Dat heescht wann d'Police, d'Section criminelle financière total ënnerbesat ass a Missioune vun engem Untersuchungsriichter kritt, datt se och net d'Méiglechkeeten huet fir déi ganz Aarbecht ze maachen.

An dat Drëtt ass e bëssen e Cercle vicieux, well de Parquet ënnerbesat ass. Zum Beispill sinn do Liquidatioune vu Betriber gemaach ginn, wou de Parquet selwer d'Liquidatioun freet, well se aacht Joer laang näischt am Mémorial publizéiert hunn. Dat ass laang. Mä wa se kee Personal hunn, kann de Parquet och net méi séier schaffen.

Eng aner Fro ass - et ass virdru geschwat ginn, dass verschidde Leit hei op Lëtzebuerg kommen, well se mengen hei kéinte se bei de Faillites frauduleuses oder bei de Bankrotte monter weider schaffen -, ob de Minister mer ka soen ob et eng Kollaboratioun gëtt tësche Lëtzebuerg an dem Ausland, dat heescht fir déi Leit déi esou récurrent Faillite maachen a Banquerouten hunn, ob et do eng Lëscht gëtt, well et gëtt jo eng Kollaboratioun, eng Entraide internationale, ob et an deem Beräich och eng gëtt? Ech weess net op hien et matkritt huet, mä bon.

Mir brauche kompetent Leit, et ass am Accord de coalition festgehale ginn, dass méi Leit sollten am Cabinet d'instruction agestallt gi fir d'Bankrotten a frauduléis Faillitë besser ze traitéieren. Et muss effektiv verhënnert ginn, dass sech Leit mat Faillite kënne beräicheren. Schwaarz Schof sinn nämlech eng Laascht fir eis Wirtschaft.

Duerch hir frauduléis Aktivitéite bedénge si sech bei hiren Employéen, der Securité sociale, dem Stat, hire Fournisseuren an hiren Investisseuren. Dës Problematik kéinte mir einfach an de Gréff kréien. Mir brauche just méi Personal. Mir sollen eis bewosst sinn, dass duerch dës schwaarz Schof jonk Entrepreneuren et méi schwéier kréien anzestellen, hir Geschäftsrelatiounen hierzestellen an u Kapital ze kommen. Mir brauchen einfach en zolidd Gesetz iwwert d'Failliten an och d'Moyene fir dëst duerchzesetzen.

Wann elo eng Firma opgeléist gëtt, da musse mer och iwwert d'Curateure schwäten. Et ass kee Geheimnis, dass d'Curateuren nach ëmmer ënnerbezuelt ginn. De Justizminister hat mir assuréiert e géif do dat Reglement vun 1979 reforméieren. Ech hat do den 18. November 1999 eng Question parlementaire gestallt, justement iwwert dat Reglement vun 1979, wou ech jo awer och insistéiert hunn dass d'Responsabilitéit vum Curateur jo awer och ganz wichteg wär, an do hat de Minister mer geäntwert: „Le règlement grand-ducal du 29 octobre 1979 portant révision du tarif des honoraires des curateurs en matière de faillite a fait l'objet d'un examen par un groupe de travail institué au sein du Ministère de la Justice, qui a préparé un projet de règlement grand-ducal ayant pour objet de réadapter le tarif des curateurs". Kënnt Dir mer just soe wéi et mat deem Rapport ass, ob elo do eppes an deene leschte véier Joer geschitt ass, well ech muss lech et soen, fir d'Affekoten ass et net flott.

***(Interruption)***

Fir déi jonk Affekoten ass et net flott. Dir musst wëssen, mir kréie jo meeschtens…

Une voix.- Ah!

Lucien Weiler *(CSV)*.- Här Bettel, maacht eng Proposition de loi.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Ma ech proposéieren lech elo eppes ganz Einfaches. Een dee fir de Moment eng Faillite kritt ass, wéi ganz oft, e Stagiaire, wéi den Här Gibéryen gesot huet. Hie verdéngt a senger Etude tëschent 40.000 a 50.000 Frang de Mount - ech schwätzen nach a LUFen - a kritt dann zwou Failliten. E muss an der Zeitung Publikatioune maachen, dat sinn eleng schonn tëschent 35.000 a 40.000 Frang Käschten.

Plusieurs voix.- Oh!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Just fir d'Lëtzebuerger Wort an d'Tageblatt sidd Dir bei 30.000, 40.000 Frang, well se ginn ëmmer am Wort an am Tageblatt publizéiert. Am Journal wär et méi bëlleg, do sinn ech ganz averstanen, mä si ginn awer am Wort an am Tageblatt publizéiert.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

An deenen zwou Zeitunge gëtt dat publizéiert, ech kann lech d'Rechnung matbréngen, dat si bal 40.000 Frang déi een da muss virstrecken. E Stagiaire deen nëmme 40.000 oder 50.000 Frang brutto de Mount kritt, wéi soll deen dat ronn kréien? Éischtens.

***(Interruptions)***

Zweetens, mir hunn da meeschtens Faillitë wou keen Actif do ass, dat heescht mir kréien do eng Indemnitéit vun ongefeier 25.000 Frang fir déi ganz Aarbecht déi mir maachen, ob mer 10, 20 oder 40 Stonnen un enger Faillite geschafft hunn. Zweet Saach.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Oder dräi Joer.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Drëtt Saach. Et wär ganz einfach. Mir hu jo do d'Assistance judiciaire, déi vum Bâtonnier ausbezuelt gëtt, also dat heescht vum Stat, mä, nom Accord vum Bâtonnier, wär et dann net méiglech, bei deene Faillitë wou keen Actif do ass, wou se fir e Manque d'actif clôturéiert ass, einfach op der Base vun der Assistance judiciaire den Affekot ze bezuelen, esou wéi dat jo bei all deenen anere Saache leeft.

Dat wär eng Méiglechkeet fir dass emol endlech dem Affekot seng Aarbecht rémunéréiert gëtt.

Well ech soen lech wéi et geet. Déi meescht kréien hiren Dossier an da gëtt en an den Eck getässelt. An et wär och eng Kéier ganz interessant den Här Minister ze froen, ob hie mer kéint soe wéi vill Failliten nach iwwerhaapt net clôturéiert sinn a vu wéini déi datéieren, well ech ka mer virstellen dass verschidde Failliten iwwer 20 oder 30 Joer an den Tiräng léien an nach ëmmer net clôturéiert sinn.

Une voix.- Dat kënnt Dir da maachen.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Et wär ganz interessant wann den Här Frieden mer do kéint eng Äntwert duerno ginn. Also ech soen lech direkt, ech sinn net de Spezialist, et si verschidde Leit déi dat ganz gär maachen.

Här President, den Här Santer wollt eng Fro stellen.

M. le Président.- Jo, den Här Santer huet d'Wuert.

M. Patrick Santer *(CSV)*.- Här Bettel, wann Dir et net gutt fannt datt Är jonk Kolleegen, Stagiairen, Affekote Curateur vun enger Faillite genannt ginn, mengt Dir net et wär da besser, wéi den Här Gibéryen dat virgeschloen huet, de Curateur iwwerhaapt net vun Affekoten oder vun enger anerer Professioun ausüben ze loossen, mä déi als eegestänneg Profession libérale oder indépendante unzegesinn?

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här Santer, an deenen dräi leschte Säite kritt Dir eng Äntwert op déi Fro déi Der elo gestallt hutt.

Une voix.- Ah!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Éischtens, fannen ech, dass et wichteg ass; ech menge mir léieren alleguerten um Cours complémen-

taire vum Droit luxembourgeois - wat jo eng obligatoresch Formatioun ass fir all d'Affekoten - d'Failliten. Mir hunn do e ganze Cours dee mir gemaach kréien.

***(Interruption)***

Fir all Affekot.

Dat heescht de Problem ass, an der Formatioun gëtt et actuellement e Carnet de stage, deen den Affekot als Stagiaire muss maache fir zum Avoué zougelooss ze ginn, dee jo vum Justizminister décidéiert ginn ass, an dee virgesäit dass zum Beispill och eng Faillite muss dra sinn. Dat heescht dat gehéiert och zu der Formatioun vum Affekot an ech mengen dat ass och wichteg.

Ech erzielen Iech elo ganz genau wéi ech dat gesinn. Et si verschidden Affekoten déi et gär maachen, ech weess awer elo net ob dat duergeet, well déi meescht Faillitë si Faillitë wou keen Actif do ass, an da weess ech net ob déi, déi awer nëmmen déi géife kréien, frou wäre fir déi ze maachen. Well souwisou musse se dann aneschters bezuelt ginn, well ech weess net wéi déi da kéinte liewen, wa se nëmme Faillitë géife maache mat Manque d'actif.

***(Interruption)***

De finanzielle Volet ass hei ganz sécher net eleng ausschlaggebend. Et ass nämlech esou dass déi Aufgaben déi de Curateur muss erfëllen net ëmmer ganz evident sinn a ganz sécher net an enger klassescher juristescher Ausbildung genuch studéiert ginn. Dofir stellt sech d'Fro, ob et net méiglech wär fir e Pool vu Curateuren ze grënnen, an deem sech Affekoten, déi eng ganz speziell Formatioun hunn, gegebenenfalls zesumme mat Ekonomisten, Fiskalisten oder eventuell Réviseur-d'entreprisen nëmmen ëm d'Faillitë këmmeren. Dës Leit brauche selbstverständlech eng spezifesch Formatioun a si mussen adequat bezuelt ginn.

Ech sinn nämlech der Usiicht, dass et fir all d'Parteie vu groussem Virdeel ass. Dës Formatioun ass menger Usiicht no nach méi wichteg wann et iwwert d'Faillites frauduleuses geet, well de Curateur do wierklech iwwerfuerdert ass. An ech kann Iech soen, déi si frustréiert.

Dann huet een eng Faillite an de Parquet kann net poursuivéiere well en net genuch Leit huet oder d'Police judiciaire net genuch Leit hunn. An duerno, wann een eng oder zwou Plainten, oder een oder zwee Rapporte gemaach huet, dann huet een d'Flemm an da mécht ee guer näischt méi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir géifen alleguerten am léifsten d'Faillitë ganz verhënneren. Hire sozialen a finanzielle Käschtepunkt ass héich. Ech hunn a menger Ried probéiert ze weisen, dass et utopesch ass ze menge mir kéinten duerch d'Gesetzgebung d'Faillitë ganz verhënneren. D'Faillitë wäerte weiderhin, genau esou wéi d'Firmegrënnungen, zu eisem Wirtschaftsliewe gehéieren.

Déi Demokratesch Partei gesäit dohier d'Wirtschaftspolitik als e Ganzt a si ass sech bewosst dass all Ännerung vum Faillitëgesetz en Impakt op d'Firmegrënnunge kann hunn. Si setzt sech awer och dofir an, dass d'Firmen bei hirer Grënnung besser encadréiert ginn, an ënnerstëtzt all Initiativ fir d'Leit besser ze forméieren.

Weiderhi fanne mir, dass d'Faillitëgesetz, besonnesch wat d'Faillite frauduleuse ugeet, reforméiert muss ginn, an de Justizapparat muss méi Moyene kréie fir dës Législatioun erfollegräich ëmzesetzen. Dann, net ze vergiessen, eis Fuerderung no engem Pool vu Curateuren an Ekonomisten, déi sech exklusiv ëm d'Faillitë solle këmmeren. Mat all dëse Mesurë schéngt et mir op jidde Fall méiglech fir déi héich Zuel vun de Failliten hei zu Lëtzebuerg an de Gréff ze kréien an e gesond Ëmfeld ze schafen, fir d'PMEen hei zu Lëtzebuerg ze förderen.

Ech soen Iech merci.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Très bien.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Merci Här Scheuer fir den „très bien".

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Wuert huet d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Zënter zéng Joer kënnt den Débat ronderëm d'Faillitë mat schéiner Regelméissegkeet erëm hei an d'Plénière.

Mir haten 1992 d'Reforme vum Faillitëgesetz, wou natierlech driwwer geschwat ginn ass. Mir haten och an deemselwechte Joer d'Interpellatioun vum Här Henri Grethen, wou et och zu deem Thema gaangen ass. Mir haten en am Kader vun enger Interpellatioun iwwert d'Classes moyennes, mir haten och aner Débaten iwwert d'Classes moyennes, mir hate virun engem Joer nach en Débat iwwert den Aktiounsplang par rapport zu de Classes moyennes, wou och ëmmer erëm d'Thema vun de Failliten opkomm ass.

Bei ville vun deene Rieden, déi haut gehal gi sinn, hat ech d'Gefill et wären déiselwecht Rieden déi och deemools scho gehal gi sinn, déi erëm eng Kéier aus dem Tirang gezu gi sinn, an datselwecht kann een eigentlech och zu deem Aktiounsplang soen, dee virun engem Joer aktualiséiert ginn ass.

De Léisungskatalog par rapport zu där Problematik vun de Faillitë schéngt dann och zënter zéng Joer sou zimlech deeselwechte bliwwen ze sinn. Eng Rei Iddie goufen ëmgesat, ënner anerem wéi mer de Registre de commerce reforméiert hunn, oder wéi de System vun de Fiches d'impact agefouert ginn ass, wou den Impakt vu gesetzleche Mesuren op d'PMEe soll all Kéiers gekuckt ginn. Ech weess net ob mer scho vill Gesetzer hate wou deen Exercice duerchgefouert ginn ass.

Vill Iddie schwiewen awer och weiderhin nach ronderëm, ouni datt se bis elo ëmgesat gi wieren. Ech denken zum Beispill un d'Centrale des bilans, déi schonn zënter Jore gefuerdert gëtt, an un d'Problematik vum Privilège occulte vun de staatleche Créancieren, deen ëmmer erëm a Fro gestallt gëtt, mä wou awer bis elo net ganz vill geännert gouf.

Dann d'Propositioun fir de Montant vun de 500.000 Frang eropzesetzen, wann een eng Sociétéit wëllt grënnen, déi haut de Moien erëm eng Kéier an der Debatt wor. Den Här Krecké huet virdru gemengt dat sollt ee maachen. Den Här Gibéryen, als Interpellant, wor do méi nuancéiert an huet gemengt, datt et virun allem wichteg wär, datt een en Deel vun deem Geld géif blockéieren.

Et schéngt mer effektiv esou ze si wéi wann an der Praxis d'Realitéit einfach déi ass, datt d'Leit déi 500.000 Frang, déi se do virweisen, emol net reell oft hunn. Si wénken eng Kéier domat a wa se erëm aus dem Büro vun der Verwaltung eraus sinn, da gi se se wahrscheinlech engem zréck vun deem si se geléint hunn. Et ass also net esou dass wierklech vérifiabel wier dass d'Leit am Besëtz vun deem Geld sinn, respektiv datt se dat Geld wierklech fir dat huele wuerfir et vläicht wichteg wär, nämlech als eng Garantie fir hire Betrib, an net als Startkapital dat se dann eventuell direkt ausginn. E weidere Punkt ass dann d'Ufuerderung, d'Qualification professionnelle erop ze schrauwen. Ech wäert herno nach méi am Detail op dee Punkt agoen.

Vun de Curateuren hirer Formatioun a vun hirem onofhängege Status ass ëmmer erëm geschwat ginn, an dann och vun der Thematik vun der TVA. Ech wéilt drop hiweisen, dass et eng Proposition de loi vun der DP gëtt fir d'Zënsen op deene finanziellen Obligatiounen, déi vum Stat ausstinn, ze erhiewen. Ech weess net wat aus där Proposition de loi vun der DP ginn ass, ob se haut, wou se an der Regierung mat dran ass, nach zu där steet. Dat schéngt mer e wichtege Punkt ze sinn, wou een de Betriber hëllefe kéint. Ech hunn am Aktiounsplang par rapport zu de PMEe just gesinn, dass de Stat sech wëllt engagéieren, dass déi TVA méi schnell erëmbezuelt gëtt, déi aussteet. Ech weess awer net ob do, zënter dass deen Aktiounsplang d'lescht Joer oder virun annerhallwem Joer décidéiert ginn ass, elo scho vill soll geschitt sinn.

Da sinn Aarbechtsgruppen an d'Liewe geruff ginn. Ech hunn an enger Äntwert op eng Question parlementaire vum Här Di Bartolomeo gelies, datt am Justizministère en Aarbechtsgrupp géif bestoen, dee Propositioune soll ausschaffe wéi een d'Zuel vun de Faillitë kéint reduzéieren a wéi een d'Faillite frauduleuse kéint bekämpfen. Ech huelen un, datt den Här Minister eis dann herno scho wäert Konklusioune kënne vun der Aarbecht vun deem Aarbechtsgrupp hei presentéieren. Da gëtt och ëmmer erëm d'Reform vum Faillitëgesetz ugekënnegt. Och do wär et interessant ze gesinn, ob do scho méi Konkretes virläit.

Wat bis elo net gemaach ginn ass, dat ass vläicht emol eng Evaluatioun ze maache vun der Reform vun 1992 vum Faillitëgesetz. Wat huet déi Reform eigentlech bruecht? Ee vun zwee wichtege Punkten deemools fir géint d'Failliten unzegoe war jo zum Beispill déi Moossnam am Beräich vun de Faillites frauduleuses, datt d'Geriicht e Verbot ausschwätze kann, dass während enger gewësser Zäit eng Persoun, déi eng Faillite gemaach huet, ënner gewëssen Ëmstänn kenge kommerziellen Aktivitéite méi dierf nogoen.

Do géif et mech interesséieren, ob déi Mesure vill applizéiert gëtt an ob si e Resultat bruecht huet, well mir schénge jo ëmmer nach mat deem Problem konfrontéiert ze sinn, dass et Leit gëtt déi eng Faillite no där anerer maachen, ouni dass deen Oflaf do iergendwou ënnerbrach gëtt, sou dass ech mech e bësse froen ob déi Mesure vill bruecht huet. Och do kéint ee jo da vläicht herno vun de Ministeren Erklärunge kréien.

En anere Punkt vun där Reform vun 1992 war d'Aféierung vun der Notioun vum Abus de biens sociaux. Ech hunn d'Gefill wéi wann do méi geschitt wär. Och do kéint ee vläicht Konklusioune kréien.

An da kéim ech zu den Zuelen, Här President. Ech hunn nämlech d'Gefill, dass mer hei zënter zéng Joer scho ganz vill ëm e Problem ronderëm schwätzen, ouni datt mer eigentlech am Besëtz si vun engem klore Bild vun der Problematik vun de Failliten hei zu Lëtzebuerg. Mir kréien zwar gesot: „D'Faillitë ginn all Joer an d'Luucht." Mir kréien d'Montanten och matgedeelt, mä domadder bleift et da meeschtens gedoen. Dat bedeit, dass ee sech eigentlech guer net kann eng kloer Vue vum Problem a vun den Ursaache vum Problem maachen an esou sech keng Léisunge kann ausdenken.

Esou wäit wéi ech am Bild si gëtt et keng Etüd iwwert de Profil vun den Entreprisen déi a Faillite ginn. Vläicht gëtt et se, mä op alle Fall hunn ech se net fonnt. Dat schéngt mer awer e ganz wichtege Punkt ze sinn.

Den Här Gibéryen huet virdrun e puer Aspekter ugeschwat. Et schéngt also hei an do Zuelen ze ginn, mä e Gesamtbild hunn ech bis elo net an iergendengem Rapport fonnt. Also Froe wéi déi, ob et grouss oder kleng Betriber sinn, ob et haaptsächlech Recidivistë sinn, déi an den Zuele vun de Faillitë virkommen, bleiwen oppen. Ob et al agesiesse Betriber oder Ufänger sinn, ob et jonk Leit sinn oder aler, ob et Familljebetriber sinn oder wéi eng Formë vu Sociétéiten et sinn, déi méi staark virkomme wéi anerer. Wéi héich den Taux vun de Faillites frauduleuses ass - wann een dat iwwerhaapt kann an Zuele feststellen. Ob sech d'Failliten eventuell op verschidde Regioune konzentréieren. Ob den Undeel vun de Failliten, dee jo absolut gesinn an deene leschten zéng Joer ganz vill an d'Luucht gaangen ass, och proportional par rapport zu der Zuel vun den Entreprisen zu Lëtzebuerg an d'Luucht geet.

Par rapport zu der Zuel vun den Entreprisë schéngt den Taux zu Lëtzebuerg héich ze sinn. Deenen Zuelen no déi een heiansdo ka liesen an och no deem wat de Rapporteur virdru gesot huet, ass dat esou datt mir par rapport zum Ausland do méi héich leien. Wéi kann een iwwerhaapt den Term „Entreprise" definéieren? Wat fält alles ënnert déi Entreprisen déi da gekuckt ginn? Wéi héich ass de finanzielle Schued, deen d'Failliten uriichten? Dat ass jo dann en Thema, dat haut de Moien och scho méi am Detail behandelt ginn ass.

Dat heescht: Mir hunn also eng ganz Rei vun Donnéeën net oder wa mer se hunn, dann hu mer se net an enger zesummegefaasstener Form. Wa mer eis wierklech wëllen effikass Instrumenter schafen, dann denken ech datt een dee Problem muss méi prezis cernéiere wéi mir dat an deene leschte Jore gemaach hunn. Vläicht ass et jo och esou, dass bei de Ministèren deen Exercice geschitt ass - doriwwer kënne mer dann Opschloss kréien -, mä hei an der Chamber hu mer déi Zuelen an déi Donnéeën, esou mengen ech, jiddefalls net virleien.

Här President, ech kéim dann op d'Problematik vun de Betriber selwer ze schwätzen, haaptsächlech vun deene klenge Betriber déi jo, wéi et mir emol schéngt, am meeschte mat dem Problem vun de Faillitë schénge konfrontéiert ze sinn. Wou leie fir e klenge Betrib déi gréisste Käschten a wou kéint een also usetze fir deene klenge Betriber ze hëllefen? Et ass evident, dass d'Salairen an d'Cotisations sociales e groussen Deel ausmaachen, och d'Loyere fir ganz vill Betriber an eventuell d'Matière première. Bei modernen Déngschleeschtungsbetriber ass dat Lescht vläicht manner de Fall.

E Wuert dann zu de Käschten, déi och zu Lëtzebuerg hir Bléien dreiwen. Ech denken do u ganz spezifescher, dat sinn déi Gelder déi een a verschiddene Secteure muss bezuele fir iwwerhaapt kënnen unzefänken a wou ech mer awer heiansdo Froen iwwer hir Berechtigung stellen.

Ech ginn Iech zwee Beispiller. Dat eent ass dat vun de Bistroe wou een, wann ee wëllt e Betrib iwwerhuelen, e Fonds de commerce muss iwwerhuelen. Dat ass jo och schéin a gutt. Et hëlt ee Still, et hëlt ee Glieser, vläicht och nach anert Material, mä de Fonds de commerce beleeft sech an der Stad Lëtzebuerg mëttlerweil bei ville Bistroen op eng Rei vu Milliounen ale Lëtzebuerger Frang. Wann et iwwerhaapt méiglech ass dat ze bezuelen, esou ass dat scho fir vill Leit e Grond firwat se herno net méi ganz vill Geld iwwreg hu fir hire Fonds de roulement ze assuréieren.

En anert Beispill ass dat vun de Buttecker an de Galeries marchandes. Och si sinn oft gezwongen, fir iwwerhaapt emol eranzekommen, Kommissiounen ze bezuelen. Och do kann ee soen: „Dat huet eng Berechtegung", mä heiansdo freet ee sech awer ob d'Präisser, déi do gefrot ginn, eng Berechtegung hunn.

Ech hat virdrun déi Punkten opgezielt wou fir e klenge Betrib Käschten entstinn. Ech wollt dann drop agoe wéi eng finanziell Ënnerstëtzung fir déi Betriber kéint op deenen eenzelne Punkten ausgesinn. Et ass ganz vill scho geschwat gi vum Investitiounskapital, dass do méi staark Hëllefe misste fir kleng Betriber kommen, besser Zënssätz zum Beispill wa Geld muss geléint ginn. Iwwerhaapt misst den Zougang zu Prêtë méi einfach ginn an et misste méi schnell Réckflëss - ech hunn dat virdru schonn ugedeit - vun deene Gelder kommen, déi d'Betriber zegutt hunn. Ech denken do haaptsächlech un d'TVA.

Wat Start- an Investitiounskapital betrëfft, esou ass hei schonn des Öftere bemängelt ginn, dass d'SNCI bis elo ëmmer nach keng reell Hëllef fir kleng Betriber ass. Doniewent gëtt et och net ganz vill Strukturen déi esou eng Hëllef géifen ubidden, zumindest net vu staatlecher Säit.

Ee Modell, dee mir ganz interessant schéngt, an deen och schéngt an der leschter Zäit ëmmer méi Zoulaf ze fannen, dat ass dee vum ETIKA, fréier genannt Altersfinanz. Ech weess net ob dee Finanzéierungsmechanismus heibannen esou gutt bekannt ass. Et ass ee Mechanismus, deen Existenzgrënner hëlleft, déi haaptsächlech aus der Économie solidaire an alternative kommen. E gëtt gespeist mat Gelder, déi zu engem groussen Deel vu Privatleit kommen, déi méi Gescheites mat hirem Geld wëlle maache wéi domat ze spekuléieren oder zu hirer 5/6 Pensioun nach eng Zousazpensioun dobäi ze schafen. Si setzen hiert Geld op Spuerkonten a si kréien da bei där Bank, déi sech op déi Iddi agelooss huet, een Zënssaz, dee leider net immens attraktiv an incitant ass, mä et schéngt awer esou ze sinn, dass do genuch Geld zesumme kënnt fir dass mat relativ groussem Succès kann enger Rei vu Firmen, déi sënnvoll Produkter oder Servicer entwéckelen, bei hirem Start up gehollef ginn, déi um normale Wee ni géife bei enger Bank e Kredit kréien.

Här President, virdrun ass vu Steiererliichterunge geschwat ginn, dass dat och ee méigleche Wee kéint si fir klenge Betriber ze hëllefen. Natierlech ass et esou, dass grad jonk Entreprisen an den éischte Jore wou se aktiv si kaum e Benefiss maachen, esou dass déi vill Steiererliichterungen, déi dës Regierung ëmmer erëm ukënnegt an och ëmsetzt, fir déi Betriber eigentlech net terribel Konkretes bréngen. Trotzdeem schéngt et awer wichteg ze sinn, dass da grad de Facteur Aarbecht, dee bei klenge Betriber jo oft besonnesch héich ass, steierlech méi positiv géif bewäert ginn. Ech wéilt dann nees eng Kéier dat Wuert vun der Bruttowertschöpfungssteier zitéieren.

Dann ee Punkt, Här President, wou mir am Fong an där Matière hei e klenge Réckschrëtt erlieft hunn, wou mir en Instrument haten, wat mir amgaang sinn ofzeschafen, dat ass déi berühmte Loi Rau. Déi ass 1982 agefouert ginn an déi huet och geheescht: „…visant à favoriser les investissements productifs des entreprises et la création d'emplois au moyen de la promotion de l'épargne mobilière". Déi Iddi war ganz kloer fir och den Investissement an de Capital à risque ze förderen, mä leider ass déi Iddi e bësse pervertéiert ginn. D'Leit hunn eppes aneschters draus gemaach wéi dat wat een hätt kéinte maachen, nämlech e Risikokapital deenen Entreprisë verschafen, déi ënnerkapitaliséiert sinn, an eben och zur Kreatioun vun Entreprisen incitéieren.

Do ass schonn am Ufank e puermol proposéiert ginn, och vum

Statsrot, et misst ee méi kloer Kritären aféieren, well et haaptsächlech d'Banke woren, déi vun deem ganze System profitéiert hunn, mä et huet een awer konnten an deene leschte Jore feststellen, dass et duerchaus och méi kreativ a méi nëtzlech Uwendunge vun der Loi Rau gi sinn. Ech denken zum Beispill un den Energiepark Réiden. Ech denken un eng Brasserie am Weste vum Land, déi esou entstanen ass. Ech denken och un den initiale Projet vum Supermarché Oikopolis. Si all wollten am Fong op dee Wee goen, fir esou un éischt Kapital ze kommen.

Leider ass et jo esou, dass d'Loi Rau amgaang ass ofgeschaaft ze ginn. Et stellt een awer fest, dass d'Regierung eigentlech deen doten Aspekt vun deem Phenomeen guer net a Rechnung gezunn huet, wéi se op dee Wee gaangen ass fir dat ofzeschafen. Déi Gréng hunn déi Thematik hei och schonn opgeworf. De Statssekretär vun der Ëmwelt, den Här Eugène Berger, hat am Fong och versprach, dass bei deene steierleche Reformen, déi fir 2003 virgesi sinn, och eng ekologesch Fiskalitéit mat dra wär an dass een an deem Kader och kéint iwwer en Ersatz fir d'Loi Rau dann nodenken. Bis elo hunn ech net ganz vill dovunner gehéiert. Ech bedauere jiddefalls dass op déi Manéier do d'Kand schéngt mat dem Buedwaasser ausgeschott ginn ze sinn.

Här President ech kéim dann zu deem leschten Aspekt, dat ass dee vun der Formatioun. Et ass hei elo de Moien an och an deene Debatte virdrun ëmmer erëm ugeklong, dass do missten Efforte gemaach ginn. Do sinn och sécherlech an de leschte Joren eng Rei vu Saache geschitt. Dat soll een net niéieren. Ech wëll awer haaptsächlech op den Aspekt vun de Formations accélérées agoen, wou ech selwer mech konnt dovunner iwwerzeege wéi déi an der Praxis oflafen.

Wann een zum Beispill d'Coursen hëlt déi fir Cafetieren ugebuede ginn, do gëtt eng ganz Rei vu wichtege Saachen duerchgeholl. Dat wëll ech guer net an Zweifel stellen, mä do gëtt den Accent ganz vill drop geluecht, dass een d'TVA-Sätz hannertzech a vichenzech ka rechnen an erausfannen. Wann ee Wiert 20 Liter Wäi keeft an et verschëtt een en halwe Liter, de Service ass 10%, wéi vill… an esou weider. Et sinn ongeféier esou Prüfungsfragen wéi mir se fréier haten. Ech wëll net a Fro stellen dass déi Punkten och wichteg sinn, mä wat ech feststellen ass awer, dass een eng ganz Rei Saachen an deene Coursen net léiert.

Mir hunn elo schonn e puermol den Term Businessplang gehéiert. An deene Coursë gëtt net dovunner geschwat wéi een ee Businessplang opstellt. Et gëtt och net dovunner ganz konkret geschwat, wat dann d'Loyeren an aner Käschte mëttlerweil zu Lëtzebuerg sinn, wann een esou e Betrib wëllt opmaachen, a wéi vill Geld een eigentlech minimal muss hu fir dass ee ka realistesch dovun ausgoen, dass esou e Betrib fonctionnéiert. Esou Saache kommen do am Fong guer net vir, an dat schéngt mir och ee vun de Problemer ze si vun deene Coursen, dass se am Fong e bësse wäit vun der praktescher Realitéit ewech sinn.

Ee Punkt, deen ech och an deem Kader bedauerlech fannen, ass, dass d'Thematik d'Betribsféierung um Computer och do guer net ugeschwat gëtt. Wat gëtt et vu Programmer an Instrumenter informatescher Natur, déi engem an engem Betrib kënnen d'Aarbechte méi rationell maachen. Esou Punkte si bis dohinner am Fong nach net virgedrongen. An ech géif mengen, dass trotz där viller Aarbecht, déi do gemaach gëtt, wierklech eng grondlegend Reform vun deenen a sécherlech och anere Coursen dringend néideg wär.

Ee Punkt nach zur Formation continue. Och do ass, wéi d'Gesetz gestëmmt ginn ass, drop higewise ginn, dass grad déi kleng Betriber hei am mannste Chancen hu fir hire Leit Formation continue unzebidden, grad och déi Betriber déi et vläicht am néidegsten hätten. Fir déi sinn d'Sockele vun den Investitiounen, déi se da missten an d'Formatioun maachen, einfach esou héich, dass si net incitéiert si fir Formatiounspläng auszeschaffen. Mir mengen, dass et hei ganz wichteg an dringend wär, dass d'Gesetz iwwert d'Formation continue op deem Punkt ugepasst gëtt, vläicht och op anerer.

Ech hat virdru scho vun den neien Technologië geschwat. Dat ass vläicht och ee Käschtepunkt fir d'Betriber. Et gëtt ëmmer erëm gesot den e-Commerce an den Internet, dat wäre Chancë fir Betriber, grad och fir klenger. Et muss ee sech awer och bewosst sinn, dass et mëttlerweil ëmmer méi een Zwang zum Internet gëtt an dass déi Betriber, déi net um Internet sinn, net méi kënnen esou mathale wéi déi aner. An och dat bedeit e Käschtepunkt, wann een eng Homepage ariicht a wann ee se muss regelméisseg fleegen, fir dass se och wierklech fir de Consommateur an den Utilisateur eppes bréngt. Ech froe mech, Här President, ob et dann net sënnvoll gewiescht wär, wa mir grad an deem Beräich vläicht eng Subventionéierung agefouert hätten. Dat wär, menger Meenung no, net immens opwendeg gewiescht an hätt awer kéinte ville Betriber hëllefen, fir an deen neie Beräich do eran ze klammen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat virdru ganz kuerz de Problem vun de Loyeren ugeschwat, deen och ee Problem fir d'Betriber ass an ee Käschtepunkt. Dat bréngt mech op d'Hypothees, dass d'Faillitë just eng Form vun e puer verschiddene si vum Stierwe vu verschidde Kategorië vu PMEen zu Lëtzebuerg. Net all Betriber maache Faillite, mä vill sinn der gezwongen opzehale well hir Käschten ze héich ginn, an dat huet och mat de Loyeren ze dinn. Et huet och mat aneren Donnéeën ze dinn, mä virun allem mat Loyeren déi an der Stad an an de gréissten Uertschaften ëmmer méi héich ginn. Dat féiert zum Beispill zu engem neie Buttiksstiewen, grad och hei an der Haaptstad, wou erëm eng Kéier déi lescht Epicerien, Quincaillerien an ähnlech gelagert Commercen, déi et nach gi sinn, schéngen definitiv ze verschwannen.

E Beispill: Virun e puer Woche war e Bréif an der Zeitung vun engem klenge Kleederbuttek aus dem Zentrum vun der Stad, deen do schonn zënter 20 Joer ass, mä deen elo, well en de Loyer gehéicht kritt, well d'Haus verkaaft gëtt, eventuell gezwongen ass opzehalen. Dat stellt natierlech och d'Fro vun der Roll vun de Gemengen a vum Stat, wann et drëms geet fir de klenge Commerce ganz konkret ze förderen, an de Stied an an den Uertschaften.

Här President, ech fannen et relativ schwéier hei ze schwätze bei deem Grondtoun, deen do ronderëm mech ass.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Madame Wagener, Dir hutt Är Zäit iwwerschratt. Et wär gutt wann Dir kéint zum Schluss kommen.

***(Interruptions)***

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech sinn an enger halwer Minutt fäerdeg.

M. le Président.- Et ass an der Rei.

***(Interruption)***

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Oh, Här Bettel, ech weess net ob ech elo soll eppes zur Qualitéit vun Ärer Ried soen. Ech loossen et vläicht sinn.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Den Här Bettel kënnt ni bis op seng Zäit!

***(Interruption)***

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, et stellt sech awer och d'Fro ob déi Failliten net Deel vun engem Phenomeen vun ekonomescher Ëmstrukturéierung sinn, wou et ëmmer méi a Richtung ewech vu Familljebetriber an ewech vun Eenzelpersounen, déi Betriber maachen, higeet zu Firmen, zu Franchising-Systemer an esou virun.

D'Verschwanne vu mëttelstännege Betriber, wéi et iwwregens net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä iwwerall an Europa festzestellen ass, ass dat eng Fatalitéit? Ech mengen net. Ech mengen och dass et wichteg wär fir d'PMEe weiderhin ze ënnerstëtzen. Si sinn de Garant vun enger diversifiéierter Wirtschaftstruktur. Si brauchen awer virun allem, menge mir, eng Regeneréierung an eng Moderniséierung fir kënnen ze iwwerliewen.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Här Gibéryen huet sech haut engem äußerst schwieregen Thema ugeholl.

Dass d'Thema schwiereg ass, geet schonn aus der Tatsaach eraus, dass vun deene wéinege selbstständegen Handwierker a Geschäftsleit, déi hei an der Chamber sinn, keen zum Sujet d'Wuert ergraff huet. Déi meescht hu mat engem ganz groussen theoretesche Wëssen doriwwer geschwat, mä si kënnen dofir mat relativ wéineg Praxis doriwwer schwätzen. Et ass e bëssen - ech gebrauchen dat Beispill heiansdo - wéi e Paschtouer, dee mat vill Sachkenntnis iwwert d'Bestietnis schwätzt.

***(Hilarité et interruptions)***

Déi Debatt hei ass mir och e bëssen esou virkomm. Ech wëll dofir net d'Méritë vun deenen eenzelnen...

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wollt just drop hiweisen, dass ech Member vum Conseil d'administration vun engem klenge Betrib sinn.

***(Brouhaha général)***

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Här President, ech héiere mat gréisster Freed, dass déi honorabel Madame Renée Wagener elo och am selbstständege Beräich täteg ass. Ech weess net ob si d'Handelsermächtigung stellt, mä wa se dat nogelauschtert huet, Här President, wat elo hei gesot ginn ass, dann ass si sech jo bestëmmt de Risike vun där Operatioun bewosst.

D'Regierung ass sech och bewosst, dass d'Failliten hei zu Lëtzebuerg, mä net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, e Phenomeen sinn, deem ee sech muss unhuelen a wou ee muss kucke fir, esou wäit wéi et méiglech ass, Léisungen ze fannen. Dass Lëtzebuerg net isoléiert ass, dat geet aus deene Statistiken ervir déi op europäeschem Plang verfügbar sinn.

Et gëtt zum Beispill eng Entreprise CRAYDON déi Vergläicher mécht wéi dann elo d'Failliten an deenen eenzelne Länner évoluéieren. Tëschent 2001 an 2002 zum Beispill war d'Zuel vun de Failliten hei zu Lëtzebuerg réckleefeg. A Länner wéi Norwegen ass déi Zuel dee Moment ëm 20% an d'Luucht gaangen, an Däitschland méi wéi 14%. Dat einfach nëmme fir ze weisen dass de Phenomeen vun de Failliten net isoléiert hei zu Lëtzebuerg ass, mä dass en an alle Länner vun der Europäescher Unioun an op der ganzer Welt ass, do wou déi fräi Maartwirtschaft d'Regel ass.

Mir sollen hei awer och net - an eenzel Riedner, Här President, hunn dat ënnerstrach - dee Sujet diaboliséieren. Eng Faillite ass wuel en Echec. En Echec kann awer och eng Chance sinn. Et gëtt Länner - an eenzel Riedner hunn dat ervirgehuewen -, zum Beispill d'Vereenegt Staten, wou eng Faillite net nécessairement als eppes absolut Pejoratives, mä als eng nei Chance ugesi gëtt. E Créateur d'entreprises, wéi de Michael Dell zum Beispill, deen haut eng vun deene gréissten Entreprisen an der Informatik (Hardware-Hiersteller) leet, hätt, wann all dat géif duerchgezu gi wat vun Eenzelnen hei verlaangt ginn ass, ni dierften eng zweet Chance kréien. A wann all dat, wat vun Eenzelnen hei gefuerdert ginn ass, an de Vereenegte State Realitéit wär, dann hätten de Bill Gates a säin Associé ni ugefaangen.

Här President - an dat ass e bëssen inquiétant -, mir sinn hin- an hiergerappt engersäits zwëschent dem Wonsch de Leit et esou einfach wéi méiglech ze maachen e Betrib ze grënnen - Lëtzebuerg ass eent vun deene Länner, wat um europäesche Plang zum Beispill regelméisseg épingléiert gëtt, well hei zu Lëtzebuerg ze vill Bürokratismus wär, well et ze komplizéiert wär e Betrib ze grënnen, well et ze vill schwiereg wär fir sech selbstänneg ze maachen - an op där anerer Säit gi mir awer hin a mir verlaange permanent nei Qualifikatiounen.

Den honorablen Interpellant, Här President, huet hei opgelëscht wat e Chef d'entreprise, vun deem Moment u wou hie Personal engagéiert, alles misst kënnen. Mä hei musse mir op der neier Uni Lëtzebuerg - ech iwwerdreiwe vläicht liicht - en extrat Studiefach aféiere mat engem Diplom, fir dann nach kënnen e puer Stéck déi dote Méiglechkeet ze gi fir e Betrib ze grënnen. Ech wëll dofir hei net falsch verstane ginn. Ech wëll net fir Laxissem plädéieren. Mä mir hunn awer eng Verfassung zu där d'Deputéierten an d'Regierung stinn. Do steet d'Fräiheet vum Handel dran. All déi Gesetzer, déi mir maachen, schränke jo déi Fräiheet an. Mir mussen also wëssen, wou dass mir dee richtegen Equiliber fannen zwëschent deem wat noutwenneg ass an zwëschent deem wat awer nach d'Verfassungsfräiheeten hei zu Lëtzebuerg garantéiert.

Mir brauchen, Här President, méi Esprit d'entreprise. Mir brauche méi jonk Leit déi bereet si sech selbstständeg ze maachen. Wa mir dat awer wëllen, dann däerfe mir deenen och net nëmme Knëppelen an de Wee leeën. De Justizminister wäert a senger Interventioun op déi méi spezifesch Froen agoen, déi souwuel um fiskale wéi awer och ganz besonnesch um juristesche Plang évoquéiert gi sinn.

Mä et sinn Iddien développéiert ginn op déi ech méi agoe wëll, wéi zum Beispill déi vun engem Mindestkapital fir eng Entreprise. Dat ass relativ einfach gesot: Mir hiewen d'Mindestkapital vun enger S.àr.l. elo vun 12.500 Euro op e Multipel dovunner. Dann ass nach keen eenzege Problem geléist. Fir eenzel Aktivitéite geet e Kapital vun 12.500 Euro largement duer, fir anerer ass et laang net genuch. Datselwecht gëllt fir S.A.en, wou d'Situation ähnlech ass.

Mir däerfen och net vergiessen, Här President, dass jo ganz vill Leit en nom personnel hire Betrib féieren, an et ass jo och net verwonnerlech dass do, wou déi eege Responsabilitéit finanziell illimitéiert ass, d'Zuel vun de Faillitë vill méi kleng ass. D'Madame Wagener, Här President, huet gefrot ob mir Renseignementer hätten iwwert de Profil. Ech mengen net dass mir elo eng wëssenschaftlech Etüd hätten iwwert de Profil vun de Entreprisen déi Faillite maachen. Mä eenzel Intervenanten an dëser Debatt hu jo drop higewisen, dass et a verschiddene Secteure wesentlech méi Faillitë gëtt wéi an aneren.

Et ass zum Beispill am Secteur immobilier an am Grousshandel, dat geet aus deene Statistiken ervir, wou mir dee gréissten Deel vun de Failliten hunn. Et ass och gewéinlech esou, dass an deenen éischten dräi, véier Joer vun der Existenz vun engem Betrib Faillitë sinn. Et ass relativ selten, dass e Betrib, deen zéng Joer a méi besteet, Faillite geet. Wann et esou e Betrib ass, dann hunn eenzel vun deene Remëden, déi hei ugefouert gi sinn, wéi zum Beispill eng Gestion contrôlée, méi Chancë fir ze wierken. Do mécht et Sënn. Mä bei Entreprisen déi - wéi soll ech soen - an hirer Entwécklungsphas si komme mir och mat enger Gestion contrôlée net schrecklech wäit.

Et ass d'Fro opgeworf gi vun der Capacité professionnelle. Ech si schonn dorop agaangen. De Mëttelstandsminister zesumme mam Wirtschaftsminister maache ganz grouss Efforte fir derfir ze suergen, dass déi Formatioun iwwerhaapt hei zu Lëtzebuerg ka gi ginn. Ech schwätzen net vum Handwierk, wou se schonn aus den 30er Joren hier d'Regel ass, mä an deene leschte Joren an ënner successive Regierunge si ganz grouss Efforten ënnerholl gi fir d'Formatioun vum Chef d'entreprise ze verbesseren, fir och een Angebot zesumme mat der Chambre de Commerce, mat der Chambre des Métiers ze maachen. Eng Offer, déi wäit iwwert déi initial Formatioun erausgeet, mä déi och an d'Formation continue erageet.

Här President, ech wollt un deene Beispiller weisen, dass d'Regierung net inaktiv ass, dass d'Regierung sech awer och bewosst ass vun de Schwieregkeeten déi sech an dësem Domän stellen an dass mer all Kéier mussen ofweien ob mir déi richteg Mesuren huelen, ob mer net duerch Iwwerreagéieren dann, wéi d'Madame Wagener dat gesot huet, d'Kand mam Buedwaasser ausschëdden. Et ass also e ganz schwieregen Exercice, mä wou mer eis mat Détérminatioun wäerten druginn, dat ass fir Faillites frauduleuses ze sanctionnéieren, déi Responsabel zur Rechenschaft ze zéien an all Kéier do wou eng Faillite frauduleuse constatéiert ginn ass, dass dann och de finanzielle Schued vun deene gedroe gëtt, déi e verursaacht hunn.

Och dat ass erëm liicht gesot, mä ganz schwéier ze realiséieren. Dofir brauche mer net nëmmen d'Police judiciare, dofir brauche mer och de Parquet, dofir brauche mer d'Geriichter déi déi Sanctioune schwätzen, a mir brauche ganz besonnesch Leit déi sech ëm d'Faillitë këmmeren: Curateuren, déi deen néidege Bagage hunn an déi déi néideg Energie hu fir deene Leit d'Handwierk ze leeën.

Merci, Här President.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner huet den Här Justizminister d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt keng einfach Léisung um juristesche Plang vun deene Froen déi hei opgeworf gi sinn. Et ass also falsch ze mengen, datt, wann ee géif e puer Säz am Gesellschaftsrecht änneren, wéi dat heiansdo uklëngt, net onbedéngt de Moien an der Chamber mä an Äusserungen, déi an deene leschte Méint zu dësem Sujet och do bausse gemaach gi sinn, et da muer keng Faillitë méi géif ginn.

Dat ass eng simplistesch Approche. Dat klengt zwar gutt, mä wann dat esou wär, da géifen et och am Ausland keng Faillitë méi ginn. Dofir wëll ech soen, datt villes vun deem wat mer vläicht kënne maachen, vläicht déi eng oder déi aner Faillite évitéiert, mä d'Failliten, an dat huet de Wirtschaftsminister zu Recht erkläert, gehéieren zum Fonctionnement vun der Ekonomie a sinn net duerch gesellschaftsrechtlech Ännerungen einfach ze änneren.

Dat zweet dat ass, an dat erkläert vläicht firwat de Projet de loi iwwert d'Ännerunge vum Gesellschaftsrecht bis elo nach net déposéiert ginn ass, datt mer do mat kontradiktoreschen Intérêten ze doen hunn. Deen een, dee mengt eng gewësse Moossnam wär gutt, déi deen aneren als konterproduktiv gesäit. An dofir, wann den Interpellant grad wéi aner Intervenanten gesot hunn, esouwuel d'Gewerkschafte wéi d'Beruffschambere vum Patronat, se géife Moossname verlaange fir Failliten ze évitéieren, sou muss een deen einfache Saz a sengem Inhalt kucken. A wann een déi Moossname kuckt, da gesäit een datt ganz vill vun deenen exactement de Géigendeel si vun deem wat deen anere gären hätt. Doraus entsteet d'Schwieregkeet fir een Text auszeschaffen, dee versicht déi legitim Intérête vun deenen engen an deenen aneren ze begéinen. Dat ass d'Schwieregkeet vun deem Exercice mat deem mer amgaange sinn an dee mer konstruktiv wäerte weiderféieren, mam Zil a kierzester Zäit, dat heescht virun dem Summer vun dësem Joer, e Projet de loi iwwert d'Ännerung vum Gesellschaftsrecht virzeleeën.

Et ass awer scho vill geschitt. Ech wëll hei drop hiweisen, datt d'Chamber ee Projet gestëmmt huet am Dezember d'lescht Joer iwwert de Registre de commerce, deen zwar geheescht huet iwwert de Registre de commerce an dofir an der Öffentlechtkeet och nëmmen op deem Punkt beuecht ginn ass, wou substanziell Ännerungen dra sinn, wou d'Regierung mengt datt se kënnten eng Rei Failliten évitéieren. Ech soen och do nëmmen eng Rei, well nach eng Kéier, et ass net d'Ännerung vun engem Gesetz déi Failliten évitéiert.

Ech weisen drop hin, datt mer an dem Gesetz vum 19. Dezember 2002 virgesinn hunn, datt ee muss, wann een eng Handelsermächtegung freet, deklaréieren a wat fir enger Firma een an deenen dräi Joer virdrun eng Fonction de dirigeant hat, Fonction de dirigeant de droit ou de fait, datt also och bei der Ausstellung vun der Handelsermächtegung ka gekuckt ginn ob ee sengen Obligatiounen am Steierrecht a bei der Sécurité sociale nokomm ass. Och dat Gesetz gëtt dem Minister d'Méiglechkeet déi Autorisatioun ze refuséieren oder zréckzezéien, wann een deenen Obligatiounen net nokomm ass. Datselwecht gëllt iwwregens och fir deen, deen d'Majoritéit vun den Aktien huet.

Och d'Centrale des bilans, déi mer amgaang sinn opzebauen an déi 2005 wäert voll operatiounsfäeg sinn, wäert et eis erlaben, méi Donnéeën iwwert déi eenzel Betriber ze hunn an eng Zort Préalarme kënnen ze maache wa finanziell Schwieregkeete bestinn. Et ass also duerch déi do Ännerunge vum Gesetz iwwert d'Handelsermächtigunge scho ganz villes am preventive Beräich vun de Faillite geschitt, ouni datt dat grouss Attentioun dobausse fonnt huet. Dat ass eng Virlag op dat wat mer och wëllen am Gesellschaftsrecht maachen.

Ech kommen zum zweete Punkt, deene Pisten, déi mer do virgesinn. Ech wëll awer dobäi ënnersträichen, datt dat Pistë sinn déi mer als Justizminister wëlle mat de Kolleegen diskutéieren. Zum Deel hu mer se schonn diskutéiert, zum Deel wëlle mer nach aner Leit, notamment d'Beruffschamberen, doriwwer consultéieren, an da komme mer mam Projet de loi.

De Wirtschaftsminister, de Mëttelstandsminister an ech selwer hu schonn iwwert eng Rei vun deene Punkten diskutéiert. Anerer wëlle mer nach clarifiéieren an deenen nächste Wochen. Dat ass zum Beispill d'Fro déi och de Minister Grethen elo grad ugeschnidden huet vun dem Mindestkapital vun de Gesellschaften. Sécher ass et richteg, wéi den Här Grethen gesot huet, datt fir déi eng Gesellschaft dat net onbedéngt d'selwecht ass wéi fir déi aner, nach behandelt d'Gesellschaftsrecht all d'Gesellschaften, op d'mannst déi déi déiselwecht Forme juridique hunn, d'selwecht.

De Statsminister hat an der Lag vun der Natioun indiquéiert, datt mer géingen drun denken d'Mindestkapital vun den S.àr.l.e vun haut 12.500 op 25.000 Euro ze erhéijen a bei de Gesellschafte vun 31.000 op 70.000 Euro. Och misst dat Kapital an deem Fall voll libéréiert si vun Ufank un. Och dat évitéiert net all Faillite, mä et ass e Wee fir et vläicht Verschiddener, déi op eng onseriö Aart a Weis Gesellschafte grënnen, méi schwiereg ze maachen - an do gesitt Dir erëm d'Contradictioun -, ouni awer - an dat wëllt d'Regierung an dofir huet se deen dote Montant nëmme fixéiert - et op een Niveau ze setzen, deen et wierklech all jonken Entrepreneuren, oder och manner jonken, wann en net vill Moyenen huet, onméiglech mécht e Betrib ze grënnen.

Mir wëllen net, datt herno nëmmen nach där, déi ganz vill Suen hunn, e Betrib kënne grënnen. Mir hätte gär, datt seriö Leit Betriber grënnen. Dofir och déi Initiative vum Mëttelstandsminister fir méi Qualifikatioun virzeschreiwen. Leit, déi seriö sinn, déi eng uerdentlech Qualifikatioun hunn, déi musse kënnen e Betrib maachen. Si dierfen och net empêchéiert ginn duerch ze vill héich Virschrëfte wat d'Mindestkapital ubelaangt, mä dach wëlle mer d'Mindestkapital héije par rapport zu deem aktuellen.

Och wëlle mer der Regierung proposéieren, datt ee muss d'Kapital op engem Niveau halen, deen op d'mannst de Mindestkapitalniveau ass, fir wa Perten an der Gesellschaft entstinn. Haut kann eng Gesellschaft, wa se Perten huet, einfach décidéieren, no gewësse Modussen, fir weider ze fonctionnéieren. Mir hätte gären a mir wäerte proposéieren, datt een da muss säi Kapital erëm reconstituéieren an dat op d'mannst op den Niveau vum gesetzlech virgeluechte Mindestkapital, fir datt dat Kapital och nach ëmmer eng Realitéit huet.

Aner Moossname betreffen zum Beispill d'Apports en nature bei den S.àr.l.en. Contrairement zu den S.A. ginn déi net duerch e Rapport vun engem Réviseur examinéiert. Do gëtt also net gekuckt ob se dee reelle Wäert hu wéi dat virgedroe gëtt. Dofir menge mer, datt een och misst d'S.àr.l.-Gesetzgebung op deem Punkt där vun de Sociétés anonymes upassen.

D'Iddi vum Businessplang oder dem Plan de financement ass eng, déi d'Regierung an dem Aktiounsplang vun de PMEe virgestallt huet. Iddien, menge mir, déi ee maache soll, wann esou e Betrib Investitioune plangt an dofir staatlech Hëllefe froe kënnt. Dat steet am Kapitel vun deem Programm, deen de Minister Boden d'lescht oder d'virlescht Joer virgestallt huet, an deem Kapitel iwwert d'Preventioun vun de Failliten. Mir wëllen an deem Gesetz iwwert d'Ännerung vum Droit des sociétés déi doten Iddi mat abauen.

Aner punktuell Moossname wäerte betreffen, dass mir mengen, dass een dee System, wou haut ganz oft d'Gesellschaften den Aktionären Avancë maachen an domadder d'Gesellschaft eidel maachen, muss iwwerkucken, voire verbidden. Et ginn also eng Rei punktuell Moossnamen, déi all zesummen héchstwahrscheinlech déi eng oder déi aner Faillite kënnen an Zukunft évitéieren: Moossnamen aus dem Gesellschaftsrecht, Moossnamen aus dem Gesetz iwwert d'Autorisation d'établissement vun deem ech virdru geschwat hunn a Moossname betreffend d'Qualifikatioun.

Duerch all déi Moossnamen zesumme menge mir, dass mir op engem Wee wären deen net zu engem Hindernis gëtt vun der Fräiheet fir Handel ze maachen an deen en Encouragement ass fir Betriber ze grënnen. Op där anerer Säit kënnen doduerch awer déi onseriö aus dem Geschäft ewechgehale ginn an domadder och déi Zort Failliten évitéiert ginn. Dat ass d'Zilsetzung vun der Regierung.

Selbstverständlech wëlle mir nach méi wéi an der Vergaangenheet eis dem Problem vun de Faillites frauduleuses unhuelen, mä och do soen ech, dass dat e Saz ass deen einfach gesot ass, awer schwiereg ëmgesat ass. Et ass jo net esou dass mir op dës Interpellatioun gewaart hu bis mir op eemol gesot hunn: „Ah, elo kucke mir no de Faillites frauduleuses." De Parquet an d'Police judiciaire bekëmmere sech ëm déi Dossieren. Si hunn effektiv ze vill Aarbecht a kënnen dat vläicht net esou maache wéi se dat gäre géife maachen.

Et kommen och Condamnatioune bei Faillites frauduleuses. Zum Beispill d'lescht Joer ware véier zolidd Condamnatioune bei Faillites frauduleuses. Doriwwer schreift d'Press net vill an doriwwer schwätze mir och net vill. Ech maachen oder de Parquet mécht net all Kéiers doriwwer eng Pressekonferenz. Dir kënnt och soen: „Véier ass net vill",...

Une voix.- Dat sinn der och net vill!

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- ...mä et sinn ëmmerhin emol déi. Wa mir do all Kéiers géife grouss an der Zeitung stoen - dofir brauche mir jo och eise Pressespriecher an der Justiz -, da wär dat schonn anescht, well et ginn aner Prozesser am Strofrecht déi ëmmer eng grouss Medienattentioun fannen, vläicht well dat méi spektakulär ass. Ech mengen et misst een op de Wee goe fir da vläicht an Zukunft dat méi ze veröffentlechen, mä ech soen lech awer och dass onofhängeg vun der Zuel et enorm schwiereg ass an deenen Dossieren ze enquêtéieren.

Et stellt een zum Beispill fest - an dat fënnt een eraus, wann ee mat der Police judiciaire an dem Parquet doriwwer schwätzt -, dass ganz oft déi Fraudë laang virun der Faillite constituéiert ginn an dass et ganz schwiereg ass erauszefanne wien do dohannert ass. Et stellt sech zum Beispill d'Fro, ob mir an Zukunft nach sollen erlaben dass esou vill BVI-Gesellschaften oder Panama Gesellschaften zu Lëtzebuerg gegrënnt ginn, déi ganz oft Administrateur oder Aktionär vun deene Gesellschafte sinn a wou et enorm schwiereg ass erauszefanne wien hannendru steet. Musse mir net op de Wee goen, dass ee muss offiziell deklaréieren, och vis-à-vis vum Stat, wien hannert all Gesellschaft steet, well soss ginn déi Enquêtë ganz schwiereg? Ech soen lech also: D'Fro ass net einfach. Et geet net duer einfach ze soen: Mir brauchen e puer Poliziste méi déi dat dote kënnen enquêtéieren. An op dee Punkt kommen ech nach eng Kéier zréck.

D'Curateuren, dat ass hei ugeschwat ginn, misste méi rémunéréiert ginn. Als Justizminister hunn ech net nëmmen dem Här Bettel a senger Question parlementaire beäntwert, dass ech och där Meenung sinn. Mä och do änneren dat net vun haut op mar. Wann ech soen: „Mar kréien d'Affekoten, déi Curateur sinn, dat Dräifacht bezuelt", dann ass domadder net onbedéngt déi Aarbecht, déi do gemaach gëtt, vill verbessert. Ech mengen, dass et effektiv haut net richteg ass, dat besonnesch a Faillitë wou keen Avoir do ass, dass se mussen d'Fräe virstrecken an dass se en extrem ridiculë Montant bezuelt kréien. Mir wäerten also och do virun der Summerpaus den Text presentéieren, deen déi Montanten erhéicht.

D'Fro, déi awer méi eng schwiereg ass, ass déi, ob een net effektiv, wéi den Deputéierte Santer an enger Zwëschefro opgeworf huet, quasi professionell Curateure muss hunn, well ech kann lech soen als een dee fréier de Beruff vum Affekot hat, dass et äußerst schwiereg ass, wann een esou eng Faillite kritt a vum Betribsfonctionnement vun där Firma, déi een do vum Geriicht virgeluecht kritt, net terribel vill versteet, an dat niewent villen aneren Dossiere mécht, fir dee Beruff vum Curateur op eng professionell Aart a Weis ze maachen. Ech froe mech, ob een dann onbedéngt deen ass, deen déi beschte Qualifikatioun huet. Dat hänkt selbstverständlech ganz vun der Natur vum Betrib of deen een dohinner kritt. Heiansdo sinn et ganz einfach Failliten, wou net vill dran ze maachen ass. Heiansdo sinn et awer och vill méi komplizéierter.

Ech soen also och hei: Et ass net nëmmen eng Fro fir d'Honorairë vun de Curateuren ze erhéijen, et ass eng Fro vun der Qualifikatioun. An dat si Froen, déi ech och ganz gäre géif an der Commission juridique vun der Chamber, vläicht och an der Kommissioun déi sech ëm d'Ekonomie an d'Classes moyennes bekëmmert, am Detail diskutéieren. Et gëtt hei keng - an dat soen ech de Moie fir d'drëtt schonn - einfach Solutiounen, well just e Reglement iwwert d'Honorairë vun de Curateuren, wat mir maachen, ass net d'Léisung.

D'Formatioun ass wichteg. Datselwecht gëllt fir d'Police judiciaire. D'Regierung huet net op d'Interpellatioun vun de Moie gewaart fir an deem Beräich eppes ze maachen. Mir hu beim Budget fir d'Joer 2003 gesot, dass d'Police judiciaire géif an dësem Joer 20 Leit bäikréien, notamment fir am Beräich vun der organiséierter Kriminalitéit an der Wirtschaftskriminalitéit kënnen der extrem komplexer Aarbecht besser nozekommen. Dovunner wäerten och eng Rei Leit sech an Zukunft méi ëm frauduleuses Faillitë bekëmmeren. Ech mengen, dass mir eng Equipe do brauchen, déi spezialiséiert ass an där doter Matière. Dorobber schaffe mir hin.

Mä nach eng Kéier soen ech: Och wann déi Leit do sinn, da bleiwen déi Enquêten extrem komplizéiert, well ganz oft fënnt een net vill eraus. D'Filierë fueren an d'Ausland. Déi Leit, déi dohannert stinn, fënnt een net oder et fënnt ee keng Tracë vun deenen Operatiounen. Et muss een dat dote maachen. D'Regierung mécht et. Ech maachen et als Justizminister. Mä ganz einfach sinn déi Enquêten net. De Parquet économique hu mir scho mat zousätzleche Leit ausstaffiéert. Mir wäerten op deem Wee weiderfueren. Dat ass fir eis eng ganz wichteg Saach.

Och d'Zuel vun den Untersuchungsriichter, well ganz kompliziéiert Affairë komme jo bei den Untersuchungsriichter, hu mir gehéicht. 1998/1999 hate mir sechs Untersuchungsriichter. D'nächst d'Joer wäerte mir der zéng hunn. Do gesidd Dir also, dass mir och déi Zuel gehéicht hunn. Net nëmme wéinst dësen Affären, mä och wéinst dësen Affären, well ech si mat villen Deputéierten, déi de Moien hei geschwat hunn, d'accord, dass de Kampf géint frauduleuses Failliten e wichtegen ass, fir dass déi éierlech Geschäftsleit net an déi nämlech Késcht gehäit gi wéi déi déi versichen um Bockel vun aneren hir Suen ze maachen.

Ech wëll drop hiweisen, an dat ass de Moien hei ugeschwat ginn, dass mir musse kucken ob Betriber hir Bilanen déposéieren, well een oft gesäit dass wa keng Kontabilitéit méi kënnt, dat net onbedéngt en extrem seriö geféierte Betrib ass. De Parquet deelt mir mat, dass zum Beispill d'lescht Joer 180 Betriber zu Lëtzebuerg liquidéiert gi sinn op Demande vum Parquet, well se net hiren Obligatioune vum Gesellschaftsrecht nokomm sinn an net hir Konten um Registre de commerce an esou weider déposéiert hunn, also déi Liquidatiounen déi opgrond vum Artikel 203 vum Gesetz iwwert d'Gesellschaftsrecht stattfannen. Dat ass net näischt.

Do gesidd Dir also och, dass ganz vill Aarbecht gemaach gëtt an eng ganz Rei Betriber ewechgebotzt ginn, déi net den Obligatioune vum Gesetz entspriechen. Och op deem Wee wäerte mir weidergoen a mam neie Registre de commerce, engem informatiséierte Registre de commerce, wäert villes dovunner méi einfach ginn.

Da wäerte mer selbstverständlech net nëmmen d'Problematik an d'Législatioun vum Gesellschaftsrecht eis ukucken, mä och déi vun der Gestion contrôlée. Dat ass de Moien hei vun e puer Säiten approuvéiert ginn an dat hate mir och schonn am Aktiounsplang vum Mëttelstandminister annoncéiert. Vu dass dat alles Kompetenze sinn déi e puer Ministere betreffen, schaffe mir do selbstverständlech zesummen drun.

Mir wäerten am Gesetz iwwert d'Gestion contrôlée, wat effektiv ganz al Texter sinn, eis nei Mëttele gi fir méi oft kënnen eng Gestion contrôlée ze maachen. Dat heescht ënner anerem, dass mir déi Betriber wäerten änneren, déi ënnert eng Gestion contrôlée kënne falen. Haut sinn dat d'Commerçanten. An Zukunft hätte mir och gären, dass dat d'Handwierker an d'Sociétés civiles sinn, déi eng Form vun enger Société commerciale huelen. Mir wäerten och versichen den Débiteur dozou ze incitéiere fir méi Recours ze maachen op de Mechanismus vun der Gestion contrôlée. Notamment muss een do u Mechanismen denken, dass engem a verschiddene Situatiounen seng Scholde kënnen nogelooss ginn. Dat ass awer alles net esou einfach hinzekréien.

Et muss een och kucken ob wéi haut net nëmmen de Commerçant dierf d'Gestion contrôlée froen, mä ob och anerer kënnen d'Gestion contrôlée an Zukunft froen: d'Geriicht, d'Salariéen, Créancieren. Dat ass déi Pist op déi, mengen ech, mer sollte goen.

Da wëll ech och d'Prozedur vun der Gestion contrôlée verbesseren an deem Sënn datt et och muss méiglech ginn direkt e Commissaire ze nennen, ouni iwwert d'Phas vum Juge délégué ze goe wéi dat haut de Fall ass, fir also kënne méi effikass a méi schnell an deem dote Beräich aktiv ze ginn, virun allem wat d'Zil vun der Gestion contrôlée ubelaangt, datt dat zu enger Reorganisatioun vum Betrib féiert an net wéi haut ganz oft just zur Liquidatioun vum Betrib. Mä och do wäerte mer nach vill Schwieregkeete begéinen.

Mir sinn äifreg amgaang esou e Gesetz ze schreiwen, mä Dir wësst datt ee qualifizéiert Leit brauch déi dat maachen. Erëm eng Kéier wäert dat de schwieregste Punkt sinn. Dat ass ee Punkt, deen net un der Regierung hänkt, mä datt ee Leit fënnt déi dat op eng professionell Aart a Weis kënne maachen, fir esou ee Betrib erëm op d'Schinn vun engem wirtschaftlech akzeptabelen Émfeld ze féieren an esou déi Aarbechtsplaze kënnen ze erhalen, déi do um Spill stinn.

D'Regierung wëllt also duerch eng Rei Ännerunge vum Gesellschaftsrecht, vum Autorisation d'établisse-

ment-Gesetz a vun der Gestion contrôlée - dat ass am gesetzleche Beräich -, an anerersäits am Beräich vun der Lutte géint d'Faillites frauduleuses eng substanziell Kontributioun maache fir eng Rei Failliten ze évitéieren. Dat ass een Effort deen net haut eréischt ufänkt. Deen huet an der Vergaangenheet ugefaangen an dee wäert virugoen. Alles anescht si Moossnamen, och där déi haut de mueren hei proposéiert gi sinn, iwwert déi ee kann diskutéieren. Mer kommen zum Deel vläicht drop zréck wa mer déi eng oder déi aner Motioun kucken.

Ech wëll nach e Wuert zu de Privilegie vum Stat soen, wat virun allem Privilegie si vun der Sécurité sociale a vun de Steierverwaltungen. D'Regierung mengt net datt et eng gudd Iddi wär, déi Privilegien automatesch ofzeschafen, well d'Privilegie vum Stat sinn net déi vum Finanzminister, vum Budgetsminister oder vum Sécurité sociale-Minister, et sinn déi vun der Kollektivitéit. Déi déi hir Steieren net bezuelen, déi déi hir Sécurité sociale net bezuelen, déi maachen dat op Käschten an zu Laaschte vun all deenen anere Steierzueler hei am Land, an dofir hunn déi Privilegie schonn eng Daseinsberechtegung. Et kann een diskutéiere vläicht ob een déi net misst adaptéieren oder plafonéieren, mä de Privileg en tant que tel, do fënnt d'Regierung datt een deen net soll ofschafen, well et hei ëm den Intérêt général vun de Leit hei am Land geet.

Här President, ech hu selbstverständlech gesinn datt och meng Zäit scho laang ofgelaf ass.

Une voix.- Jo, jo, déi léif Riedezäit!

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Déi der Regierung vum Reglement virgeschriwwe Riedezäit ass eriwwer, dofir géif ech proposéieren datt mer iwwert d'Detailfroe kënnten an deenen zoustännege Parlamentskommissiounen diskutéieren. D'Projet de loië vun deenen eenzelne Ministèrë wäerte souwisou an deenen nächste Méint, jiddefalls nach virun der Summerpaus, déposéiert ginn, an da kann een op dat eent oder anert agoen. De Sujet prêtéiert sech net fir liicht an einfach Solutiounen, an och net fir Sätz déi der Technicitéit vum Sujet net Rechnung droen. Dofir géif ech mengen, datt d'Kolleegen och missten d'accord sinn, datt mer op déi Froen an de Kommissiounen zréckkommen.

M. le Président.- D'Diskussioun iwwert d'Interpellatioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zum Vote iwwert d'Motiounen déi agereecht gi sinn. D'Motioune si verdeelt ginn. Dir hutt se schréftlech virun Iech leien. Ech mengen, mir kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

***Motions***

Den Här Jeannot Krecké freet d'Wuert zur éischter Motioun. Den Här Jeannot Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, zur Fro vun der Publicitéit. Do fannen ech, do gëtt e Schrëtt gemaach dee ganz wäit geet an d'Fro ass jo e bësschen déi vun der Centralisatioun an der Gestioun vun deene Créancen. Et géif eiser Fraktioun zu dësem Zäitpunkt emol duergoen, dass dat op enger Plaz géif zesumme kommen, well do hannendrun hänkt jo eng ganz Rei Secreten. Mir kënnen dofir de Begréff „publicité" net einfach esou iwwer eng Motioun festschreiwen.

Ech géif dat Wuert „publicité" ersetze wëllen duerch eent - bon, et fält mer elo net vill an -, vläicht Centralisatioun, Gestioun vun deene Créancen oder Observatioun vun deene Créancen, mä „publicité" kann ech net stëmmen, mä dass et awer op iergendenger Plaz géing zesummekommen, dogéint hunn ech guer näischt.

M. le Président.- Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, dat hei ass sécher eng interessant Motioun, besonnesch wann ee kuckt wat fir eng Debatte mer an deene leschte Wochen haten iwwer Secret bancaire, iwwer Secret fiscal.

Hei gëtt also gefuerdert datt mer solle sécherstellen, datt jiddfereen dee seng TVA a seng Steiere net bezuelt huet no zwee Méint, datt dat da veröffentlecht gëtt. Ech muss soen, datt ech bei esou enger Motioun relativ erstaunt sinn. Ech weess net ob jiddfereen am Land et eng gutt Iddi fënnt, datt no zwee Méint bekannt gëtt wie seng TVA scho bezuelt huet a wien nach net. Dofir mengen ech ass dat hei e Wee, dee mer net onbedéngt solle goen. Et ass éischter de Wee, an doriwwer hu mer de moien net vill geschwat, fir ze kucken datt d'Leit zu enger besserer Zahlungsmoral kommen.

Ech hunn Iech gesot datt et ëm kontradiktoresch Intérêtë geet. Wéi mer an der Commission juridique viru kuerzem een europäeschen Text hate fir méi schnell ze bezuelen, dunn ass hei vu bal allen Deputéierte gesot ginn, dat géif dach op kee Fall goen. Ech zitéieren net gären hei Députés-maires déi gesot hunn, dat kéim absolut net a Fro datt do misst esou schnell bezuelt ginn.

Ech wëll Iech also soen: Dat wat hei verlaangt gëtt, ass an där dote Form net duerchsetzbar. Op där anerer Säit musse mer kucke wéi an Zukunft d'Betriber, d'Débiteuren, öffentlech a privater, méi schnell kënne bezuelen. Ech hunn dofir en Text déposéiert, dee mer am europäesche Ministerrot ugeholl hunn. Ech hoffen, datt deen dann och eestëmmeg gestëmmt gëtt, mä dës Motioun, mengen ech, ass an der Praxis wéinst alle Schwieregkeeten a wéinst alle Grondprinzipien, déi mer ëmmer haten, net ëmsetzbar. Ech mengen och, datt et net am Intérêt wär vun de Geschäftsleit hei am Land.

M. le Président.- D'Wuert hunn nach gefrot den Här Jean-Paul Rippinger an d'Madame Renée Wagener.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech sinn iwwert déi Motioun hei skandaliséiert, well hei gëtt verlaangt dass d'Regierung opgefuerdert gëtt e Projet de loi auszeschaffen deen de Betriber imposéiert - well déi si jo net genannt dran, mä ëm déi handelt et sech jo -, respektiv den Administratiounen imposéiert d'Créancë vun der TVA, vun der Sécurité sociale a vun de Steieren ze publizéieren.

Ech muss soen, et muss ee scho wäit goe fir sech et ze erlaben dat dote vun enger Regierung ze froen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, mir hunn do manner Problemer. Mir fannen déi Motioun net oninteressant, mä den Délai vun zwee Méint, dee schéngt eis awer absolut ze kuerz ze sinn an dofir wäerte mer eis enthalen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo nach den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, d'Motioun entsprécht enger Fuerderung vun der Chambre de Commerce, vun der Chambre des Métiers, well se alleguerten ënnert dem Privilège occulte vum Trésor leien.

Une voix.- Schwätzt Der vun der éischter Motioun?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Jo, ech schwätze vun der éischter Motioun.

Dowéinst, mengen ech, wär et richteg, datt ee pour le moins eng Zentralstell hätt wou dat erfaasst gëtt. Iwwert den Délai vun zwee Méint oder dräi Méint, doriwwer kann diskutéiert ginn. Dat ass eng aner Geschicht.

Mir wieren d'accord fir verschidden Amendementer virzebréngen. Ech géif proposéieren, wann et méiglech ass, fir dass een awer kann iwwer e prezisen Text diskutéieren, dës Motioun an enger anerer Sëtzung nach eng Kéier drun ze huelen.

***(Interruptions)***

Am anere Fall géife mer se wëllen amendéieren: „…imposant un enregistrement des créances de TVA pour garantir leur caractère privilégié" a sträichen: „…tous les deux mois au moins".

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, kann ech den Här Henckes froe wien dann Accès zu där Zentralstell hätt. Kann dann do all Mënsch kucke goen ob de Betrib XY, den Affekot Z seng TVA an deene leschten zwee Méint bezuelt huet? Wéi stellt Der Iech dat da vir?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Wann een e Prêt mécht oder eng Hypothéik huet, gëtt dat enregistréiert. Dat ass ganz liicht, dat ass en Document public. Et ginn zwar net vill Leit dat kucken, mä et ass awer public. Et ka ganz gutt op enger Plaz sinn.

Wann hei d'Regierung mengt, oder wann de Wonsch géif ausgedréckt ginn, datt dat net sollt public sinn, da kënne mer och doriwwer diskutéieren, mä dat Wichtegst ass, datt deen Ableck, wou een eng Soumission publique mécht, datt dann op enger Plaz geséchert ass, datt een net kann iwwer all méiglech Moyenen do derlaanscht kommen.

An dat Zweet ass, datt et wichteg ass, datt iwwert de Wee vun den Zertifikater jiddferee weess, datt een eng Gesellschaft soumissionnéieren deet déi propper ass, an da mécht een e Contrat de sous-traitance wou déi Firma, déi geschëllt ass, deen Ablack net ka gemaach ginn. Dat huet den Enregistrementsdirekter ons déi lescht Kéier an der Finanzkommissioun matgedeelt an do muss onbedéngt légiféréiert ginn.

Mir hätte gär gehat wa mir hätte kënnen dat heiten an der Commission juridique beschwätzen. Mir géingen also hei deen Amendement esou proposéieren, datt den Enregistrement géing op jiddfer Fall déi Donnéeë kontrolléieren an zur Dispositioun hunn, fir kënnen ze agéieren. Ob et elo iwwert de Wee vun engem Réquisitoire vum Parquet ka kloer gestallt ginn, dat, mengen ech, wier och nach eng Méiglechkeet, datt et kënnt public iwwert dee Wee gemaach ginn. Dofir hu mir d'Wuert „enregistrement" proposéiert statt „publicité".

M. le Président.- Den Här Weiler freet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ech weess guer net iwwer wat mir elo ofstëmmen. Stëmme mir iwwert deen Text of, deen hei virläit, stëmme mir iwwer en aneren Text of? Wa mir iwwer en aneren Text ofstëmmen, da soll den Här Henckes eis genee soe wéi een Text datt dat ass, fir datt mer wësse wat mer maachen.

Wann en et selwer net weess, da soll en déi Motioun zréckzéien.

***(Interruptions diverses)***

M. Nico Loes *(CSV).*- Dat do gëtt dës Kéier eng elektronesch Faillite!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- „Invite le Gouvernement à déposer une projet de loi imposant l'enregistrement des créances de TVA, de sécurité sociale et d'impôts directs au moins pour garantir leur caractère privilégié".

M. le Président.- Ass d'Chamber d'accord fir dat do esou ze amendéieren?

***(Négation)***

Also stëmme mer of iwwert d'Motioun 1, esou wéi se virläit.

***(Interruptions diverses)***

Wien d'accord ass datt mer d'Motioun an deem Sënn amendéiere wéi den Här Henckes gesot huet, dee soll emol d'Hand an d'Luucht hiewen.

M. Gast Gibéryen *(ADR), interpellateur.*- Här President, ech mengen iwwert den Amendement brauche mer net ofzestëmmen. Eng Fraktioun kann zu all Moment eng Motioun amendéieren, an dat ass heimadder gemaach, esou datt mer elo nëmmen iwwert déi amendéiert Motioun kënnen ofstëmmen.

M. le Président.- Ech sinn och dofir, et soll direkt kloren Dësch gemaach ginn.

Mir stëmmen also iwwert déi amendéiert Motioun 1 of.

***Motion 1 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le caractère occulte des créances privilégiées de l'Etat laisse paraître une entreprise fragilisée comme parfaitement saine;*

*- considérant qu'en cas de faillite de la société le caractère privilégié de ces créances permet à l'Etat de récupérer ses créances avant les créanciers chirographaires;*

*invite le Gouvernement*

*- à déposer un projet de loi imposant l'enregistrement des créances de TVA, de sécurité sociale et d'impôts directs au moins pour garantir leur caractère privilégié.*

***Vote***

Déi fir déi amendéiert Motioun si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 33 Nee-, 12 Jo-Stëmmen an 10 Abstentioune verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Gusty Graas (par M. John Schummer), Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Théo Stendebach), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: M. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart.*

Mir kommen elo zur Motioun 2.

Den Här Justizminister Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Ech wollt just ee Wuert zu där Motioun soen, well d'Regierung keen esou e Projet de loi kann déposéieren. Et geet iwwerhaapt net datt een esou eng Kompensatioun géing maachen. Den Här Krecké huet méi richteg vun Neutralisatioun geschwat. Déi gëtt haut op enger Ad-hoc-Basis gemaach, wann ee Betrib zum Beispill an där enger Steierverwaltung nach ganz vill Suen ze bezuelen huet a vun där anerer Steierverwaltung der nach ze kréien huet, an et geet een dohinner, et huet ee gutt Argumenter, an et kann ee beweisen, datt een do eppes wëllt maachen, da kann een dat au cas par cas kucken. Doriwwer e generellt Gesetz maachen, an der Praxis wär dat iwwerhaapt net machbar. Dat géing zu enorm ville Contentieuxe féieren. Deen een huet nach iergendwou eng Livraisoun gemaach. Déi gëtt vläicht déi Woch duerno bezuelt, deen huet awer nach Steieren ze bezuelen, also dat ass esou net machbar. Dat kléngt einfach a gutt, mä dat geet iwwerhaapt net.

Wann een notamment bei de Steieren e Problem huet, ech mengen dat hunn d'Steierverwaltungen och bewisen, accordéiere se och Délaien, loosse mat sech schwätzen, a wann ee beweise kann datt een déi eng Steierzort nach ze bezuelen huet an déi aner erëmzekréien, da fënnt een ëmmer Solutiounen. Mä fir doriwwer e Gesetz ze maache wou ee seet „do fält alles drënner", do kënnt de Problem vun der Contestatioun vun de Créancen, dat ass iwwerhaapt net machbar wat hei gefuerdert gëtt.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Anscheinend ass et hei zu Lëtzebuerg net machbar, mä et ass machbar a ganz villen aneren europäesche Länner, notamment am Frankräich, an et ass anscheinend esouguer machbar an enger Proposition de directive, déi augeblécklech beim Europaparlament iwwert d'Marchés publics virgeholl gëtt, well et justement méiglech ass.

Dat eenzegt wat ass, déi zwou Créancë musse certaine, liquide et exigible sinn, mä datt een déi Procédures de paiement, déi beim Stat heiansdo ganz laangwiereg sinn, do ka maachen. Mir wäerten och als ADR eng Proposition de loi an deem Sënn déposéieren, fir dat dote kënnen ze maachen.

Fir de sozialistesche Kolleegen entgéint ze kommen, kënne mer natierlech awer och d'Wuert „compensation" duerch „neutralisation" ersetzen, mä ech mengen d'Mechanisme bestinn a mir wäerten an deem Sënn och agéieren.

M. le Président.- Mir stëmmen also of iwwert d'Motioun 2.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 2 si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 33 Nee,- 16 Jo-Stëmmen a 4 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Jeannot Krecké et Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Fred Sunnen), Jean-Marie Halsdorf, Norbert*

*Haupert (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu (par M. Niki Bettendorf), MM. Gusty Graas (par Mme Simone Beissel), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux et Jos Scheuer.*

Da komme mer zur Motioun 3.

Den Här Minister Grethen freet d'Wuert.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Här President, ech hat am Numm vun der Regierung d'Geleeënheet fir ze soen, datt mer ganz vill op dësem Gebitt gemaach hunn, an och nach weider maachen, datt mer awer net gewaart hunn op dës Invitatioun an der Motioun fir ze handelen, mä dat wat hei proposéiert gëtt geet wäit iwwert dat eraus wat noutwendeg ass, an dofir biede mer d'Chamber dës Motioun ofzeleenen.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech wëll drop hiweisen, datt anscheinend d'Regierung wëllt e Projet de loi déposéieren iwwert d'Reform vum Etablissement, wou notamment dat heite virgesinn ass, mä ech huelen Akt dovunner datt d'Regierung vläicht elo hire Projet de loi wëllt amendéieren.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Här President, ech hunn elo just gesot datt d'Regierung scho vill gemaach huet op dësem Gebitt an och nach wäert weider op dësem Gebitt täteg sinn. Den Här Henckes rennt hei einfach oppen Dieren an.

M. le Président.- Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 3.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 40 Nee, - 6 Jo-Stëmmen an 10 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Jean-Marie Halsdorf), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Fred Sunnen), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu (par M. Niki Bettendorf), MM. Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch,. Mme Maggy Nagel (par M. Alexandre Krieps), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Georges Wohlfart;*

*M. Jean-Pierre Koepp;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Se sont abstenus: M. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry) et M. Jos Scheuer.*

Da komme mer zur Motioun 4.

Den Här Justizminister Frieden freet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Ech géing bieden, datt een dës Motioun kënnt an d'Commission juridique verweisen. Ech muss do technesch Äntwerte kréien. Déi Liste des protêts ass nämlech an der Vergaangenheet net publizéiert gi vum Stat, ob jiddfer Fall net vum Justizminister.

***(Interruption)***

Ech hunn dovunner keng Ahnung. Ech mengen, datt dat effektiv eng Privatinitiativ war an ech muss also froe wat de Problem war, firwat dat net méi gemaach gëtt. Ech hunn déi Äntwert einfach net an dofir wollt ech bieden, datt ech eng Kéier kënnt déi Äntwerte ginn an der Commission juridique, wann ech un déi Beamte komm sinn déi déi technesch Äntwerten dorobber hunn. Dat hei ass fir mech keng politesch Fro.

M. le Président.- Sidd Der mat der Propositioun vum Här Minister d'accord, fir d'Motioun an d'Commission juridique ze schécken?

***(Assentiment)***

D'Motioun 4 gëtt also renvoyéiert un d'Commission juridique.

Da komme mer zur Motioun 5.

Den Här Minister Fernand Boden freet d'Wuert.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Här President, et si jo eng ganz Rei vun Iddien hei ausgetosch ginn, wat ee kënnt maache fir datt d'Entreprisë selwer missten e Businessplang virleeën. Déi eng hu gemengt et sollt een dat maache wann d'Entreprisë géife gegrënnt ginn, an do ass jo dann an enger Motioun festgehale ginn, datt de Businessplang soll gemaach ginn all Kéiers wann e Betrib géif öffentlech Bäihëllefe kréien.

Ech sinn och éischter der Meenung datt ee soll an déi Richtung goen, datt een, wann e Betrib gréisser Investitiounen tätegt, do soll e Businessplang virleeën, wéi wann een dat bei all Grënnung vun enger klenger Entreprise muss maachen.

Ech sinn awer net der Meenung, datt ee bei all Betrib, deen iergendeng kleng Bäihëllef freet, misst e Businessplang vun dräi Joer froen; datt een all Joer misst dann och nach e Compte rendu maache wéi de Betrib sech entwéckelt huet. Dat gëtt awer eng Paperasserie, déi ouni Zweifel ganz zu Käschte vun de Betriber geet. Et ass also menger Meenung no net sënnvoll fir dat ze maachen.

Wat ech kann assuréieren, dat ass, wann een e Betrib grënnt an dobäi vu staatleche Beihëllefe profitéiere wëllt - dat gëtt och haut scho gemaach -, dass een da muss e Businessplang virleeën an dass een bei gréisseren Investitiounen dat Nämlecht soll maachen, domat si mir 100% d'accord, mä dass bei all kleng Investitioun, déi een tätegt, a bei all Entreprise déi ee grënnt, e Businessplang soll virgeluecht gin an e jährleche Bericht, dat schéngt mir iwwerdriwwen ze sinn.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Minister Grethen huet d'Wuert.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Här President, ech wollt, en complément vun deem wat mäi Kolleeg Fernand Boden gesot huet, d'Chamber informéieren, dass am industrielle Secteur dat hei schonn d'Regel ass. All Kéier wann am industrielle Secteur en Investissement gemaach gëtt an den Investisseur gären öffentlech Hëllefen hätt, da muss hien e ganz detailléierte Projet erareechen. Mir gi souguer esou wäit, dass mir dann, deemno wéi d'Envergure vum Projet ass, och nach eng substanziell Augmentatioun vun den Eegemëttel vun deem Betrib verlaangen, an der Regel bis méi wéi en Drëttel vum gesamten Immobilisé.

Déi Motioun hei ass also an deem Sënn superfétatoire, well dat wat hei verlaangt gëtt, op d'mannst wat den industrielle Volet ugeet, scho längst gemaach gëtt. Wat méi kleng a mëttel Entreprisen ugeet, huet den Här Mëttelstandsminister scho ganz däitlech gemaach, dass déi Formalitéiten hei e Schrëtt an déi falsch Richtung wären.

M. le Président.- Den Här Henckes freet nach d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, mir hu versicht hei verschidde Propositiounen ze maachen, wou mir wëssen dass se alleguerten als eenzel keng Solution miracle duerstellen. Dat si mir eis all bewosst.

Mir sinn och bereet iwwer verschidde Modalitéiten ze diskutéieren. Wat wichteg ass, dat ass dass, wann öffentlech Gelder gebraucht ginn, deen Ablack e Businessplang ugefrot gëtt. Dass dat elo net fir 1.000 Euro soll de Fall sinn, mä deen Ablack wou et méi important Montante sinn - da muss een eben e Montant virginn -, beispillsweis wou d'SNCI géing agräifen. Dat besteet jo deelweis fir ganz héich Montanten. Mä onser Meenung no soll et och bestoe fir déi mëttel Montanten.

Mir wären awer bereet fir deen Ablack den Dispositiv vun der Motioun „d'un «business plan» sur trois ans" ze beschränken op Fäll wou öffentlech Gelder gefrot ginn. De Compte rendu annuel ka vläicht spéiderhin nach eng Kéier gefrot ginn, wann et noutwenneg ass, mä deen ass fir ons net essentiel. Dat Wichtegst ass, dass deen, deen öffentlech Gelder kritt, sech pour le moins muss bewosst sinn ob säi Betrib rentabel ass, ob richteg gehandelt gëtt oder net.

M. le Président.- Mir stëmmen dann of iwwert d'Motioun 5.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 5 ass verworf mat 34 Nee-, 12 Jo-Stëmmen an 10 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu (par M. Niki Bettendorf), MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart.*

Da kéime mer zur leschter Motioun, zur Motioun 6.

Den Här Justizminister Luc Frieden freet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, ech invitéieren d'Chamber dës Motioun ofzelehnen aus zwee Grënn. Beim zweeten Tiret geet et ëm d'Gesetz iwwert d'Gestion contrôlée. D'Regierung huet schonn e puermol gesot, dass se amgaange wär dat Gesetz ofzeänneren. Dat huet de Minister Boden a sengem Plang iwwert d'PMEen. Ech hunn och virdru gesot, dass mir do scho relativ wäit fort sinn. Also brauch een dofir keng extra Motioun.

Deen éischten Tiret vun de Curateurs professionnels schéngt mir eng Iddi ze si wou ee ganz gutt iwwerleeë muss, ob een där iwwerhaapt genuch fënnt a wat fir eng Professioun dat da wär. Dofir géing ech net direkt wëllen, dass d'Regierung opgefuerdert gëtt hei e Projet de loi ze déposéieren. Ech hu gesot, dass mir d'Rémunératioun vun den aktuelle Curateure wëllen erhéijen an dann emol kucke wat fir en Effet dat huet. Bei der Iddi vum Curateur professionnel, déi ech a priori - dat hunn ech och virdru gesot - keng schlecht fannen, muss een awer emol fir d'éischt kucke wat dat fir e Beruffsstand wär. Géing dee just dat maachen? Dofir muss ee sech iwwer all déi dote Froe weider Reflexioune maachen éier een esou eng Motioun ka stëmmen.

M. le Président.- Den Här Jeannot Krecké huet d'Wuert nach gefrot.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Iwwert d'Fro vun de Curateure ware mer eis alleguerten eens, dass et esou wéi et elo fonctionnéiert net gutt ass. Ech menge mir sollten an der juristescher Kommissioun doriwwer schwätzen, well fir hei elo ze soen: „Dat muss mar e professionnelle sinn an dat ka kee liberale sinn", do kann ech mech op alle Fall net driwwer äusseren. Ech mengen och déi Fro vun der Gestion contrôlée ass eng déi relativ technesch ass a wou et schwéier ass, menger Meenung no, déi iwwer eng Motioun einfach hei esou ofzehandelen.

Ech géing de Kolleege vum ADR proposéieren déi dote Motioun zréck an d'Kommissioun ze ginn, fir dass an der juristescher Kommissioun nach eng Kéier am Detail doriwwer geschwat gëtt.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, mir sinn d'accord fir déi Motioun nach eng Kéier an der Commission juridique ze diskutéieren. Wa mir den Ausdrock gebraucht hunn „curateurs professionnels", da kann et ganz gutt si mat deem augenbléckleche System, dass et Affekote si respektiv aner Leit, déi dat maachen. Dat Eenzegt wat net gutt ass ass, dass et all Kéiers onerfuere Leit sinn déi keng Zäit hunn an déi schlecht rémunéréiert sinn. Doduerjer gëtt d'Aarbecht net gemaach wéi se sollt gemaach ginn.

Dat zweet ass: Mir woren eis bewosst, wéi mir d'Motioun rédigéiert hunn, dass et ganz schwéier ass fir e System vu Gestion contrôlée einfach an enger Motioun ze definéieren. Dofir hate mir ons un der Législation française inspiréiert. Dat war d'Motivatioun déi hannendru stung. Ech hunn awer fonnt, dass d'Regierung och op dee Wee goe wëllt, an dofir wäre mir bereet an der Commission juridique nach eng Kéier iwwert d'Motioun an d'Dispositiounen ze diskutéieren.

M. le Président.- Ass d'Chamber d'accord fir se zréckzeweisen un d'Kommissioun?

***(Négation)***

D'Ofstëmmung gëtt verlaangt.

Mir stëmmen dann driwwer of.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 6 ass verworf mat 34 Nee-, 8 Jo-Stëmmen a 15 Abstentiounen.

*Ont voté oui: M. Georges Wohlfart;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Fred Sunnen), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu (par M. Niki Bettendorf), MM. Gusty Graas (par M. John Schummer), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Jeannot Belling), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: M. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wäre mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtten um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 12.05 heures)***

**Chamber TV**

**an der Stad:** *um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens)* **zu Esch:** *um Kanal S40 (455.25 MHz)*

**zu Déifferdeng:** *um Kanal S 29* **zu Diddeleng:** *um Kanal S 32* **an der Gemeng Nidderaanven:** *um Kanal S 29*

## Ordre du jour

1. Question urgente N°1996 de M. Serge Urbany relative aux nouvelles mesures contre l'Irak

   Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG et par le groupe socialiste au sujet d'une éventuelle guerre en Irak

   *(Discussion générale - Motions - Votes)*

2. 5004 - Projet de loi ayant pour objet d'autoriser le Gouvernement à subventionner l'exécution d'un septième programme quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique

   *(Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement - Discussion générale)*

3. Dépôt d'une proposition de loi

4. 5004 - Projet de loi ayant pour objet d'autoriser le Gouvernement à subventionner l'exécution d'un septième programme quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique

   *(Discussion générale - suite - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

5. Motion adoptée par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire suite au rapport spécial de la Cour des Comptes sur le Fonds spécial pour le financement des infrastructures sociofamiliales

   *(Discussion générale - Motion et Résolution - Votes)*

6. Naturalisations

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Charles Goerens et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

Fir haut de Mëtten hunn den Här François Bausch am Numm vun der Fraktioun vun deene Gréngen an den Här Jeannot Krecké am Numm vun der sozialistescher Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwert een eventuelle Krich am Irak ugefrot. D'Presidentekonferenz huet décidéiert dem Här Serge Urbany seng Drénglechkeetsufro iwwert den Irak an dës Aktualitéitsstonn ze integréieren. D'Wuert huet elo den Här Serge Urbany fir seng Drénglechkeetsfro ze stellen.

## 1. Question urgente N°1996 de M. Serge Urbany relative aux nouvelles mesures contre l'Irak

## Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG et par le groupe socialiste au sujet d'une éventuelle guerre en Irak

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Här President, beim Débat, dee mir den 10. Oktober hei iwwert déi irakesch Fro schonn eng Kéier haten, ass vu Majoritéitssäit gesot ginn, dat Wichtegst wier elo fir all interesséiert Memberstaten den Drock op den Irak oprecht ze erhalen, fir dass en Inspektiounen zouléisst.

Elo hunn déi Inspektiounen awer näischt erginn, mä d'Drohkuliss, déi haaptsächlech vun den USA opgebaut ginn ass, geet trotzdeem weider, esou dass ee muss dovun ausgoen, dass déi Drohkuliss - wéinstens vu Säite vu verschiddene vun hiren Acteuren - aner Ziler verfollegt huet wéi eng Waffekontroll am Irak. D'Stonn vun der Wourecht réckelt ëmmer méi no. Däitschland a Frankräich, Membere vum Sécherheetsrot, leeën an der öffentlecher Debatt a leschter Zäit den Akzent ëmmer méi op eng friddlech Léisung. D'Inspektere selwer froen nach zousätzlech Zäit.

D'Meenungsëmfroe schwätzen eng däitlech Sprooch doriwwer wat d'Weltöffentlechkeet vun engem Krich denkt. 60% vun de Lëtzebuerger sinn dergéint, esouguer wann en ënner UNO-Mandat gefouert gëtt.

E Freiden awer zitt sech den amerikanesche President mat sengem Haaptalliéierten, dem englesche Sozialist Tony Blair, zu enger Berodung op Camp David zréck, déi laut Le Monde als „conseil de guerre avant le début d'une intervention militaire contre l'Irak" bezeechent gëtt.

De 5. Februar wëll den amerikaneschen Ausseminister Colin Powell angeblech déi Bewäiser der UNO virleeën, déi d'Inspekteren op der Plaz trotz intensivem Sichen an trotz Opfuerderung un d'USA dobäi ze hëllefen bis elo net konnte fannen.

Zäitgenau veröffentlechen haut aacht europäesch Regierungschefen, dorënner déi aus England a Spuenien, als Member vum UN-Sécherheetsrot, en Appel fir de Bush ze ënnerstëtzen, wat als Géigenaktioun géint déi däitsch-franséisch Démarche duergestallt gëtt. D'Drohkuliss dréint sech also elo géint déi Länner - och an der Europäescher Unioun - déi bei dësem Konflikt scheinbar am Kader schéngen ze handele vun der internationaler Legalitéit. Et ass net méiglech offensichtlech eng Léisung an der EU ze fannen, an et ass souguer d'Fro gestallt ob et wënschenswäert ass esou eng Léisung ze fannen, well si jo kéint zu enger Verwässerung vun de Positioune féieren, zum Beispill wat eng zweet Resolutioun vum UN-Sécherheetsrot géif ugoen, woura géifen esou Formuléierunge stoen, dass ee se interpretéiere kéint wéi ee wëllt. D'Madame Ausseministesch hat bei der Debatt am Oktober selwer déi Eventualitéit ugeschnidden.

Ech hunn dofir eng Rei vu Froe gestallt: Ob eng Décisioun e Krich ze féiere ka geholl ginn ouni konkret Beweiser doriwwer, dass den Irak Massevernichtungsmëttel huet, déi och eng Gefor fir de Fridden duerstellen? A wa jo, op wat fir enger juristescher Basis esou eng Décisioun da géif berouen?

Ech hunn och d'Fro gestallt, ob esouguer dann, wa géife Saache bewise ginn, déi den Irak ofgestridden huet, dat an alle Fäll zum Krich féiere muss, och da wa keng charakteriséiert Menace contre la paix virläit.

Dann hat ech och nach gefrot, ob am Fall vun enger Krichsdécisioun géint den Irak net kéint der UNO virgeworf gi mat zweeërlee Moossen a Gewiichter ze schaffen, wou dach vun anere Géigende vun der Welt vill méi explosiv Gefore vu Massevernichtungswaffen ausginn. Ech denken do prioritär un de Pakistan an Indien, zwee Länner déi sech géigesäiteg mat der Atombomm bedreeën.

Dat ass fir mäin éischte Froekomplex, deen d'UNO an d'international Legalitéit betrëfft.

An engem zweete Froekomplex hunn ech der Regierung eng Rei vun Explikatioune gefrot iwwert d'legal Basis vun enger eventueller Ënnerstëtzung duerch Lëtzebuerg vun engem eesäitege Virgoe vun den USA an anere Länner, esouwuel wat d'Verfassungsméissegkeet vun esou enger Décisioun géif ugoe wéi och hir Conformitéit zu internationalen Traitéen, zum Beispill och am Kader vun der NATO.

Ech hätt och gären eng prezis Äntwert zu deene Froen an och zu de konkreten Aktiounen, déi eist Land dann eventuell an esou enger Hypothees ënnerhuele wëll. Ech wëll betounen, dass ech als militäresch Ënnerstëtzung vu Lëtzebuerg och eng einfach logistesch Ënnerstëtzung verstinn, zum Beispill wat d'Abezéie vun Transportinfrastrukture wéi de Findel oder anerer ugeet.

Weider wëll ech wësse wéi d'Auswierkunge vun engem méigleche Krich op Lëtzebuerg wieren, ob dee Krich elo mat oder ouni UNO-Mandat gefouert gëtt, haaptsächlech wat d'ekonomesch an d'sozial Répercussiounen ugeet.

Ech mengen, Här President, et gëtt Zäit, an d'Leit hunn et och verstanen dobaussen, dass mat där inszenéierter aktueller Farce ëm den Irak opgehale gëtt. Ech sinn der Meenung, dass näischt dee geplangte Krich rechtfertegt, am allermannsten e Krich deen onsëlleg Zivilaffer géif verlaangen.

Et rechtfertegt allerdéngs villes d'Erëmhierstelle vun der internationaler Legalitéit. Et rechtfertegt villes eng allgemeng Ofrüstung, déi ënnert der Egide vun der UNO ennerholl gëtt. Et rechtfertegt och villes eng allgemeng Waffekontroll, iwwregens net nëmme géint den Irak, wou se selbstverständlech och ubruecht ass, mä och eng Waffekontroll zum Beispill an deene Fabriken a Länner wou dee Knascht hierkënnt, vun deem esou vill an zu Recht virdru gewarnt gëtt, wéi zum Beispill den Anthrax an aner biologesch a chemesch Waffen.

Well ech nach e bëssen Zäit hunn, wëll ech nach eng Kéier, zur besserer Erklärung vun deem wat ech elo gefrot hunn, agoen op mäi Verständnis vun der UNO-Charta.

M. le Président.- Dir hutt nach eng Minutt Zäit.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Dat geet mer och duer, Här President.

Am Kapitel 7 vun der UNO-Charta gëtt geregelt wat ze geschéien huet, wann eng Gefor fir de Fridden, ee Friddensbroch oder en Agressiounsakt virläit. Doriwwer entscheet eleng de Sécherheetsrot, deen e Krich nëmmen als lescht Méiglechkeet kann an d'A faassen a wann, dann ënnert sengem militäresche Kommando, wouzou en awer de Moment net équipéiert ass, esou dass ee kann am Fong geholl soen, dass et sech hei ëm e Gesetz handelt ouni Exécutiounsbestëmmungen. An ech froe mech, ob déi Theorie vum UNO-Mandat iwwerhaapt legal ass a konform mat der UNO-Charta.

Eng eesäiteg Aktioun vu Memberstaten, ob individuell oder kollektiv, ass nëmme méiglech wann déi State Géigestand vun enger bewaffneter Agressioun sinn, an dann och nëmmen esou laang wéi den UNO-Sécherheetsrot net d'Saach selwer an d'Hand geholl huet, wouzou en dann och verpflicht ass, sou dass ech also mengen, dass hei a guer kengem Fall ka geschwat gi vun enger légitime défense vun iergendengem Stat vis-à-vis vum Irak, och wann d'USA an hir nei militäresch Strategie déi Méiglechkeet vun engem Preventivkrich ageschriwwen hunn. Ech wollt och vun der Regierung wëssen, wéi si zu där Méiglechkeet vum Preventivkrich da steet?

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch vun der Fraktioun vun de Gréngen agedroen. Den Här Bausch huet Wuert.

***Discussion générale***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, den däitsche Wochemagazin Spiegel huet a senger Editioun vun der leschter Woch een Interview mam fréieren Direkter vun der CIA an heitegen enke Beroder vum Pentagon, dem James Woolsey veröffentlecht. An dësem Interview war folgend vielsagend Ausso vum Här Woolsey ze liesen: „Es geht nicht nur um Amerikas Abhängigkeit vom Öl, sondern um die der ganzen Welt. Aus kurzer Sicht liegt unsere Verwundbarkeit darin, dass die Saudis die Fördermenge schnell drosseln oder steigern können, weil sie über die Hälfte der weltweiten Swing capacity, ingesamt 4 Millionen Barrel, verfügen. Damit haben die Saudis entscheidenden Einfluss auf den Ölpreis." An dann als Konklusioun: „Wir müssen dem Nahen Osten die Ölwaffe wegnehmen."

Déiselwecht Regierung also, déi alles dru setzt fir dass mir net aus der Ofhängegkeet vum Uelech als Energieform sollen erauskommen, andeems se de Kyoto-Protokoll zum Beispill net ratifizéiert an domat déi alternativ a regenerativ Energieforme bremst, setzt deemno op Krich a Gewalt fir sech déi wichtegst Uelechquellen op der Welt ofzesécheren an domat eng Muechtpositioun weltwäit kritt, déi méi wéi bedenklech ass.

Dobäi ass et esou, dass deen elo abtrünnegen, ondemokratesche Regime a Saudi-Arabien aus deene selwechte Grënn vun den USA während Jorzéngten ënnerstëtzt, opgebaut an opgerüst ginn ass.

An och den heitegen diktatoreschen Irak-Regime konnt iwwer Joren nëmmen iwwerliewen an an de Besëtz vu Massenvernichtungsmëttele kommen, well hien am Kader vum Iran-Irak-Krich massiv vun den USA militäresch a finanziell ënnerstëtzt ginn ass.

Et muss ee sech iwwerhaapt d'Fro stelle mat wat fir engem Recht eng Natioun d'Uelechquellen am Noen Oste quasi als hiert Eegentum ugesäit. Dës kolonial Mentalitéit gehéiert sécherlech net méi an d'21. Jorhonnert. Dat aalt Europa huet glécklecherweis an der Tëschenzäit eng Rei richteg Konsequenzen aus senger onmënschlecher an ausbeuterescher Vergaangenheet gezunn. Et schéngt esou ze sinn, dass Europa sech elo endlech wëllt zu enger eenheetlecher Aussepolitik bewegen, déi eng Weltfriddensuerdnung ustrieft, déi op d'Ausradéierung vun de koloniale Sënnen aus der Vergaangenheet opbaut, andeems méi eng gerecht a solidaresch Weltwirtschaftsuerdnung ugestrieft gëtt.

Deemno ass virun allem déi besonnen Haltung vu Frankräich an Däitschland, mä och vun der Belsch a jo anscheinend och vun der Lëtzebuerger Regierung am aktuellen Irak-Konflikt nëmmen ze begréissen.

D'Solidaritéit mam amerikanesche Vollek nom 11. September an den internationale Kampf géint den Terrorismus sinn net gläichbedeitend mat blannem Gehorsam par rapport zu enger amerikanescher Regierung déi, am Contraire zu der fréierer Clinton-Administratioun, sech bei der Sich no enger friddlecher Léisung an de Konfliktherder am Noen Osten a virun allem a Palästina ofgemellt hat, fir sech duerno mat enger aggressiver Machtstrategie erëmzemellen an am Sënn vum alen Amerika reng no egoisteschen, eegenen ekonomeschen a geostrategesche Gesichtspunkten ze handelen.

Esou war dat, wat de President Bush d'lescht Joer am September um NATO-Sommet ugekënnegt huet, och net erstaunlech, wou hie vun enger Strategie vu Preventivkricher schwätzt. Déi Ukënnegung do ass näischt aneschters wéi an d'Richtung ze goen, fir als eenzeg iwwreg bleiwend Militärweltmuecht seng Positioun mat alle Mëttelen ze verteidegen an noutfalls mat Drohungen, Preventivkricher all vermeintlech Konkurrenten a Géigner auszeschalten. Dëst um Hannergrond vu ganz däitleche Wirtschaftsinteresse vun dem amerikanesche multinationalen industriellen Uelech- a Rüstungskomplex, dee maßgeblech finanziell bedeelegt war, fir dem Georges W. Bush un d'Macht ze verhëllefen. Dat ass entre-temps ee Fakt, deen international weltwäit unerkannt a beluecht ass.

Déi Gréng, Här President, sinn der Meenung, dass eis Welt net däerf um Altoer vun e puer multinationale Wirtschaftslobbye geopfert ginn. D'Risike vun enger zolidder Destabiliséierung vun der ganzer Regioun mat weideren zéngdausenden Doudegen, virun allem an der Zivilbevölkerung, vun engem Ofrutschen an eng ekonomesch Weltwirtschaftskris, si bei dësem Konflikt enorm.

De berechtegte Kampf géint den internationalen Terrorismus gëtt duerch dës militäresch Aktioun net verbessert, mä au contraire, den internationalen Terrorismus riskéiert duerch dës Aktioun neien Nährbuedem ze kréien. De Regime vum Saddam Hussein ass eng brutal Militärdiktatur. Dovu waren déi Gréng och schonn iwwerzeegt wéi d'USA nach fonnt hunn si bräichten de Saddam Hussein als Verbündeten am Kampf fir d'Ofsécherung vun den Uelechquellen an der Regioun. Et gëtt elo awer aner Weeër fir dëse Regime ewechzekréien an ofzerüsten.

Déi Gréng si fir eng Stäerkung vum internationale Völkerrecht als Waff géint Diktaturen a géint Ongerechtegkeeten. Dëst Völkerrecht kann nëmmen am Kader vun der UNO garantéiert ginn. Et ass dofir onakzeptabel, dass d'USA, amplaz mat den UNO-Inspekteren ze kollaboréieren a se mat geheimen Informatiounen zum Beispill ze beliwweren, d'UNO elo scho während zwee Méint quasi als Geisel benotzt an dass alles drugesat gëtt fir mat militäreschen Drohgebärde kloer ze maachen, dass een un enger diplomatescher Léisung souwisou net interesséiert ass.

Déi däitsch kathoulesch Zäitschréft Publik-Forum hat e ganz gudden Dossier dëse Mount doriwwer. Ech wëll ee Saz zitéieren, dee menger Meenung no ganz gutt resüméiert

ëm wat et an deem heite Konflikt geet. Ech zitéieren: „Im Kern geht es um die Stärke des Rechts gegen das Recht des Stärkeren, und das heißt vor allem Stärkung der Vereinten Nationen.“ Ech mengen dëse Saz, dës Formulatioun bréngt et op de Punkt, ëm wat datt et geet.

Et kann een dofir nëmme begréissen, datt am Sécherheetsrot 11 vu 15 Natioune fir eng Verlängerung vum Mandat vun den Inspektere gestëmmt hunn. Dëse Votum muss eiser Meenung no respektéiert ginn an d'Inspektere mussen ouni Drock, mä mat tatkräfteg logistescher Ënnerstëtzung esou laang Zäit kréie wéi se brauche fir hir Missioun ze erfëllen. Et kann elo net esou sinn, datt et soll an d'Richtung goen, Dir Dammen an Dir Hären, datt se vläicht just zwou Woche kréien. Zwou Wochen, déi déi Vereenegt State souwisou nach brauchen, fir och déi lescht Panzeren dohinner ze féieren déi se brauchen, fir d'Interventioun ze maachen.

Ech muss och soen: Ech sinn erstaunt driwwer, wann ëmmer erëm geschriwwe gëtt datt déi Vereenegt Staten d'nächst Woch nei Beweiser géife virleeën, déi eng Militärintervention géife rechtfertegen. Mir verlaangen, datt emol iwwerhaapt endlech Beweiser virgeluecht ginn. Bis elo sinn et keng ginn an ech fäerten, dass dat wat mer d'nächst Woch wäerte virgeluecht kréien net wesentlech besser wäert si wéi dat wat mer schonn am Hierscht presentéiert kritt hunn.

Datt mer do richteg leie mat eiser Meenung, dat bestätegen ons esou Leit wéi zum Beispill den amerikanesche fréieren UNO-Waffeninspekter Scott Ritter, deen - ech wëll drop hiweisen - en iwwerzeegte Republikaner ass, deen den George Bush nach bis 2000 ënnerstëtzt huet, fir datt hie sollt President gi vun de Vereenegte Staten, deen haut an de Vereenegte State vun deenen nämlechte Leit als Landesverréiter verschrie gëtt, well hien drop hiweist datt dat wat de Moment par rapport zum Irak gezielt gëtt einfach net méi der Realitéit entsprécht.

Hie geet dervun aus, datt während där Zäit, wou hie selwer an der Inspektioun war, tëschent 1991 an 1998, tëschent 90% a 95% vun deene vermeintleche Massenvernichtungsmëttele zerstéiert gi sinn, an datt et einfach net seriö wier fir haut ze maache wéi wann den Irak eng Bedrohung kënnt duerstelle fir d'Weltgemeinschaft, a scho guer net fir déi Vereenegt Staten.

Et brauch keen eis hei ze erkläre wat den Irak-Regime duerstellt. Dat ass kloer. Et ass eng Diktatur. Et ass eng schlëmm Diktatur déi sech souguer net scheit, wann et muss sinn, fir par rapport zu hirer eegener Bevölkerung Massenvernichtungsmëttelen unzewenden, mä, Dir Dammen an Dir Hären, wann een d'Donnéeë kuckt op déi mir kënnen de Moment zréckgräifen, déi mer de Moment vun deene verschiddenste Säiten a leschter Zäit presentéiert kritt hunn, da stellt een awer fest, dass et entre-temps hei net méi ëm d'Massenvernichtungsmëttele geet, mä ëm ganz aner Saachen.

Ech muss Iech och soen: Ech fannen et eigentlech relativ schlëmm, dass déi Strategie do gefouert gëtt an dass zum Deel souguer déi schrecklech Ereegnesser vum 11. September elo ausgenotzt gi fir déi dote Strategien duerchgesat ze kréien.

Déi Gréng, Dir Dammen an Dir Hären, stinn op der Säit vun där amerikanescher Bevölkerung, déi ëmmer méi massiv och an den USA selwer net méi averstanen ass mat där doten Administratioun, déi et fäerdeg bréngt déi Vereenegt Staten ëmmer méi an eng Zwéckmillchen ze bréngen. Mir sinn op der Säit vun deenen Honnertdausenden, déi och an de Vereenegte Staten ufänken ze manifestéiere géint dat wat do soll passéieren, géint dat Onrecht an dat sech do dës amerikanesch Regierung wëllt lancéiere mat Konsequenzen, déi weder fir déi Vereenegt Staten a scho guer net fir de Mëttleren an Noen Osten iwwerschaubar sinn a wou dat soll hiféieren.

Här President, fir eis ass et duerfir och kloer: Deen heite Konflikt muss mat alle Moyene verhënnert ginn. Eis Meenung ass: Wann am UNO-Weltsécherheetsrot déi Décisioun an engem positive Sënn geholl gëtt an d'Amerikaner sech zum Beispill dann awer driwwer ewechsetzen an en Alleingang maachen, da muss schäerfstens dogéint protestéiert gi vun alle Regierungen, well hei geet et schlussendlech och ëm d'Crédibilitéit vun der Institutioun UNO a vum Völkerrecht insgesamt. Wann dat passéiert, dass an der UNO sech keng Majoritéit erausschielt oder kee kloren Optrag kënnt fir d'Amerikaner an deen Alleingang do awer gemaach gëtt, dann ass dat d'Enn vum internationale Völkerrecht.

An deem Sënn, Här President, hunn ech eng länger Motioun virbereet, déi all déi Saachen do erëmgëtt an déi ech hei wëll déposéieren.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la résolution 1441 qui définit les modalités de travail des experts en désarmement en Irak;*

*- considérant que malgré l'acceptation de ladite résolution par le gouvernement irakien les gouvernements américains et anglais ont préparé militairement la guerre en Irak, en arguant que l'Irak détient des armes de destruction massive et viole de façon patente la résolution 1441 (alors que les inspecteurs de l'ONU et de l'AIEA n'en ont donné qu'une analyse préliminaire);*

*- considérant que ces préparations de guerre constituent elles-mêmes une menace pour la paix et la stabilité au Proche Orient;*

*- considérant qu'aucune preuve n'a été fournie jusqu'à présent par l'administration américaine de l'implication du régime irakien dans les activités terroristes d'Al Qaida;*

*- considérant dès lors que la question de la lutte légitime contre le terrorisme n'est pas lié à celle du renversement du régime de Saddam Hussein;*

*- considérant donc que la volonté des autorités américaines de renverser Saddam Hussein a beaucoup moins à voir avec le développement de la démocratie ou la protection des droits humains, et que les visées de l'administration Bush sont essentiellement d'ordre économique (maîtrise des cours du pétrole et instauration d'un nouveau régime irakien enclin à défendre les intérêts pétroliers américains) et géopolitique;*

*- considérant que les moyens politiques pour arriver à un désarmement de l'Irak ne sont pas épuisés et que les options militaires des gouvernements des Etats-Unis et de la Grande-Bretagne sont contraires à l'objectif de pacifier durablement le Moyen-Orient;*

*- considérant qu'une initiative militaire américaine, qu'elle bénéficie ou non du soutien du Conseil de Sécurité de l'ONU, risque de plonger non seulement l'Irak mais tout le Moyen-Orient dans le chaos et que, dans un tel scénario, les frustrations politiques qui ont fourni le terreau aux actes terroristes n'en seraient que renforcées;*

*- estimant que la mise en cause de la politique américaine en Irak pour toutes les raisons précitées ne signifie en rien le soutien au régime dictatorial irakien qui s'est rendu coupable, depuis des années, de violations massives et systématiques des droits de l'homme, y compris de crimes contre l'humanité comme l'utilisation des armes chimiques et biologiques contre la population kurde;*

*- considérant que l'UE ne peut se contenter plus longtemps d'un discours dénonçant la politique américaine;*

*- considérant les efforts des ministres des Affaires Etrangères de l'Union Européenne pour trouver un consensus minimum et présenter un front uni en matière de politique étrangère;*

*- considérant le rapport du suédois Hans Blix, chef de la Commission de contrôle, de vérification et d'inspection des Nations Unies (UNMOVIC) en date du 27 janvier 2003;*

*- saluant les efforts des gouvernements français et allemand pour que le Conseil de sécurité de l'ONU prolonge la mission des inspecteurs en Irak;*

*- considérant que les ministres des affaires étrangères de l'UE se sont ralliés à la demande des inspecteurs de l'ONU demandant une prolongation de leur mission en désarmement en Irak;*

*- estimant que cette prolongation de la mission d'inspection devrait tenir compte des besoins réels des inspecteurs pour accomplir leur mission;*

*invite le Gouvernement*

*- à s'engager pour la prolongation de la mission d'inspection en désarmement en Irak – prolongation qui tienne compte des besoins réels des inspecteurs pour mener à bien leur mission dans des conditions raisonnables;*

*- à s'engager, dans le contexte actuel au Moyen-Orient, contre tout recours à la contrainte armée, avec ou sans l'aval des Nations Unies, étant donné les conséquences désastreuses pour la population civile en Irak et pour la paix au Moyen-Orient en général;*

*- à s'opposer à toute prise en otage du Conseil de Sécurité des Nations Unies par l'administration américaine au terme de laquelle une initiative américaine unilatérale se verrait frappée du blanc seing forcé des Nations Unies - dans ce sens, même une intervention militaire formellement autorisée par le Conseil de Sécurité n'en serait pas moins illégitime;*

*- à s'opposer à toute initiative unilatérale du gouvernement américain à l'encontre de l'Irak et à la constitution d'une coalition internationale en dehors du cadre de l'ONU dans le cas où le Conseil de Sécurité n'autoriserait pas l'usage de la force ou ne se prononcerait pas;*

*- à refuser, dans le cas où les inspections n'auraient pu être menées librement ou auraient abouti à un résultat négatif, un recours à la contrainte armée, mais à plaider pour l'adoption d'une nouvelle résolution fixant un régime de sanctions nuancées et non préjudiciables aux populations déjà éreintées.*

*(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Här President, ech wëll zum Ofschloss nach drop hiweisen, dass et de Moment eng Initiativ gëtt a ville Parlamenter an der Welt. Eng Initiativ, wou et drëms geet an engem kuerze Bréif, deen onpolemesch gehalen ass an dee just eigentlech an e puer Zeilen op d'Geforen hiweist a sech eben op d'Wichtegkeet référéiert, dass d'UN-Inspekteren elo sollen eng Chance kréien an net eng kuerzfristeg, mä eng esou laang Chance kréie wéi se se brauche fir hir Aarbecht ze maachen, deen entre-temps vu ville Parlamentarier weltwäit ënnerschriwwe gëtt. Mir als Gréng hoffen, dass et och an dësem Parlament méiglech ass dëse Bréif ze ënnerschreiwen. Ech hunn en hei ofgetippt esou wéi en de Moment international zirkuléiert. Déi fënnef gréng Deputéierte stinn drop. Ech hoffen, dass mir herno zu 60 do drobber stinn.

Här President, ech wollt en ofginn, an der Hoffnung dass en hei kann herno ronderëm gereecht ginn.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Méiglechkeet an d'Perspektiv vun engem Krich géint den Irak beweegt d'Gemidder uechter d'ganz Welt. Mir hu schonn am Oktober hei am Haus doriwwer diskutéiert, ënner anere Virzeechen, mä awer virun deemselwechten Hannergrond. An elo just huet mäi Virriedner sech ganz laang mat Amerika opgehalen, huet laang iwwert d'Interesse vun Amerika geschwat an huet ganz wéineg iwwert den Irak geschwat. Hien huet ganz wéineg geschwat iwwert dat Land, wat responsabel…

***(Interruption)***

Hien huet wéineg geschwat iwwert den Irak an iwwert d'Responsabilitéit déi dëst Land an dëser Situatioun dréit. Den irakesche President ass eng Plo fir säi Land, hien ass eng Gefor fir all Länner déi dem Fridde verbonne sinn, an hie féiert während Méinten d'UNO un der Nues erëm. An dofir hätt ech och gären dass mer, wa mer op där enger Säit iwwer Amerika an deem seng Haltung schwätzen, op där anerer Säit och - sou wéi mer dat iwwregens den Hierscht am Oktober hei diskutéiert hunn - iwwert déi irakesch Diktatur schwätzen.

Den Irak hat Massevernichtungswaffen, a villes deit drop hin datt hien der haut och nach huet, oder mindestens an der Lag ass fir esou Waffen hierzestellen. An dass hien net zréckschreckt fir esou Waffen anzesetzen, dat hu mer am Krich géint den Iran an och bei der Bekämpfung vun de Kurden am Irak selwer erlieft.

Déi potenziell Geforen déi vun dem irakeschen Diktator ausginn, huet d'international Communautéit an deene leschten zéng Joer interpelléiert, a mir hunn alleguerten zesummen Intérêt drun, an Zäite wou den internationalen Terrorismus erschreckend Ausmoossen ugeholl huet, dass den Irak vun deene Waffen, wann e se da sollt hunn, désarméiert gëtt.

Am Oktober, wéi mir hei debattéiert hunn, Här President, du gouf heibannen an och dobaussen ënnerschwelleg an de Raum gestallt et géing de Vereenegte State just dorëms, fir esou séier wéi méiglech kënnen e Krich géint den Irak ze féieren. D'Tatsaach ass, et koum zu kengem esou engem Krich, mä et koum zu enger Sëtzung vum Conseil de Sécurité vun der UNO, vum 8. November. 2002, an zur Resolutioun 1441 op der Basis vun där Waffeninspektiounen am Irak nees opgeholl gi sinn an och duerchgefouert gi sinn. Et gouf am Kader vum Völkerrecht gehandelt, am Kader vun der Charta vun der UNO, an d'Vereenegt Staten hu sech selbstverständlech dorunner bedeelegt.

De Rapport vun de Waffeninspekteren, deen de 27. Januar virgeluecht ginn ass, ass kritesch. En ass vill méi kritesch wéi vun enger Rei Leit, déi sech als Krichsgéigener ausginn, erhofft. An en ass op d'mannst esou kritesch wéi vun deenen erwaart, déi aus gudde Grënn dem Irak net iwwert de Wee trauen. De Rapport beweist, datt den Irak sech nach ëmmer net un d'Oplage vun der UNO hält. De Rapport beweist virun allem awer och, dass den Irak net aktiv un der Aarbecht vun den UNO-Inspektere matschafft.

Wann et, Här President, näischt ze verstoppe gëtt, da misst ee jo dovunner ausgoen, dass den Irak alles, mä awer och wierklech alles géif maachen an ënnerhuele fir esou schnell ewéi méiglech all Soupçone betreffend Waffepotentialer aus der Welt ze schafen. Well dat awer net de Fall ass a well den Irak esou eng retizent Haltung anhëlt, ass d'international Communautéit gutt beroden hei aller héchste Virsiicht un den Dag ze leeën.

De President Bush huet virgëschter a senger Ried zur Lag vun der Natioun däitlech Wierder benotzt fir d'Situatioun ze beschreiwen. Et waren d'Wierder vun engem President, deen op eng décidéiert Aart a Weis ee brutalen Diktator gewisen huet, an dass et net geet fir hei d'UNO un der Nues ronderëm ze féieren, mä hien huet him seng Limite gewisen. De President huet ugekënnegt, dass déi nächst Woch nei Beweiser virgeluecht solle ginn, dass den Irak nach ëmmer iwwer Massevernichtungswaffe verfügt an dass den Irak verschidden international Terroriste-Réseauen ënnerstëtzt.

D'Konklusiounen déi aus dem Rapport vum Här Blix ze zéie sinn, zesumme mat deenen ugekënnegte Beweiser vun den USA - wa se da sollte kommen, an dovunner gi mer aus, well mer denken dass dat net ugekënnegt gi wär wann et keng esou Beweiser géifen -, sollen an eisen Aen zu enger Verlängerung vum Mandat vun den UNO-Inspecteure féieren.

Dat ass jo an der Substanz dat wat déi europäesch Ausseministeren e Méindeg festgehalen hunn. Zil bleift d'Entwaffnung vum Irak, wann nëmme méiglech mat diplomateschen a politesche Mëttelen, dat heescht mat friddleche Mëttelen.

Lëtzebuerg muss et an der Irak's Fro dru geleeë sinn, am Kader vun enger europäescher Positioun kënnen ze handelen. Souwisou ass eng eenheetlech europäesch Approche zu de Waffeninspektiounen an och zu de Konsequenzen, déi sech aus enger ongenügender irakescher Kooperatiounsbereetschaft kéinten erginn, net nëmme sënnvoll, mä absolut noutwendeg wann d'Glafwierdegkeet vun der europäescher Aussepolitik soll erhale bleiwen.

De Moment sti mer also, Här President, virun enger wahrscheinlecher Verlängerung vun de Waffeninspektiounen, mat deenen endlech an definitiv Kloerheet iwwert déi irakesch Waffenarsenaler muss hiergestallt ginn. Mir begréissen dat a mir hoffen dass den Irak endlech bekäppt, dass et keng Alternativ zu enger wierklecher Kollaboratioun an enger aktiver Kollaboratioun mat den UNO-Inspecteure gëtt. Sollt sech awer erweisen dass den Irak weiderhi versicht mat der UNO ze spillen, da kann, am Kader vum Weltsécherheetsrot - an et kann nëmmen an dësem Kader sinn -, keng Optioun méi definitiv ausgeschloss ginn. Déi verlängert Inspektioune si kee Selbstzweck, mä eng lescht Chance fir den Irak, well d'Responsabilitéit läit en fin de compte bei him.

Här President, ech wollt ofschléissend eng Fro hei stellen, an déi Fro riicht sech un de President vun där gréisster Oppositiounspartei, den Här Asselborn. Ech hunn haut de Moien an enger Wochenzeitung gelies, an dofir stellen ech déi Fro, an ech zitéieren, wou den Här Asselborn soll gesot hunn: „Si tous les chefs d'état avaient réagi comme Jean-Claude Juncker, la guerre aurait déjà commencé.“

Ech wollt, Här President, d'Fro stellen, ob déi doten Ausso tatsächlech vum President vun der Lëtzebuerger Sozialistescher Partei gemaach ginn ass?

***(Interruption)***

Déi Ausso ass esou gemaach ginn.

Gutt, Här President, wann déi Ausso esou gemaach ginn ass, an den Här Asselborn confirméiert dat, da wëll ech soen dass dat bedauerlech ass an dass dat eng Ënnerstellung ass, déi a kenger Hinsicht de Fakten entsprécht.

Wien d'Verlautbarungen an de leschte Méint vum Statsminister a vun der Ausseministesch, am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung, nogelauschtert huet, dee weess dass d'Regierung ëmmer erëm an all hire Verlautbarunge Léisunge proposéiert huet, déi sech am Kader vum Völkerrecht, am Kader vun de Bestëmmunge vun der UNO-Charta beweegen. De Géigendeel behaapten an hei dohinner ze stelle wéi wann de Statsminister oder d'Regierung hei wëllte Krichsdreiwerei bedreiwen, Här President, dat ass eng Aart a Weis déi mer net kënnen akzeptéieren. Ech géif denken, dass de President vun der Sozialistescher Aarbechter Partei, amplaz sech an Ënnerstellungen un d'Adress vun der Regierung ze ergoen, besser gehat hätt sech mat senge sozialistesche Komeroden an Europa auserneen ze setzen, dem Här Blair zum Beispill. Wann et dem Här Blair nogaange wär, da wäre mer wahrscheinlech haut méi no bei engem Krich wéi mer sinn, a wa mer dem Här Schroeder, Här President,…

***(Interruptions)***

Wa mer dem Här Schroeder suivéiert wären, da wären haut wahrscheinlech nach keng Waffen-Inspecteuren am Irak gewiescht. Här President, ech géif hoffen…

Plusieurs voix.- Oh!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ech géif hoffen dass déi Diskussioun, déi mer hei féieren, bei aller Berücksechtegung vun deenen ënnerschiddleche Standpunkten, op engem Niveau géif gefouert ginn, deen dem Eescht vun der Situatioun entsprécht.

Ech soen Iech merci.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jean Asselborn.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter e puer Méint läit dee méigleche Krich am Irak eigentlech wéi eng tonneschwéier Schapp op der Welt. Eng Schapp déi villes ënnerdréckt, ënner anerem och d'wirtschaftlech Entwécklung, an domadder noutgedrongen och den Aarbechtsmaart a ville Länner vun der Welt an der europäescher Unioun, an och zu Lëtzebuerg, mat allen negative Konsequenze fir de Chômage.

D'Administratioun Bush gesäit, wann ech richteg gesinn, eng militäresch Interventioun am Irak als liewensnoutwendeg fir Amerika, fir de Westen, fir d'Fräiheet, fir d'Verteidegung vun de Mënscherechter, kuerz gesot fir de Fridden a fir d'Wuel vun der Mënschheet schlecht hin, an zitt, wéi mer wëssen, d'Konklusioun: Keen hält Amerika op, de Saddam Hussein am Irak mat militäresche Waffen ze bekämpfen.

Well et ëm d'Sécherheet vun Amerika geet, sou heescht et, hätt dëst Amerika keen anere Choix. Et schéngt an deem Gedankewerdegang keng Plaz méi ze sinn, fir sech rational mam 11. September auserneen ze setzen, an déi Konklusiounen ze zéien, déi wierklech déif Ursaache vum internationalen Terrorismus analyséieren. Et ass zu Washington décidéiert ginn dass geschoss a bebombt muss ginn an dass och eng Zilscheif duerhale muss.

1979, Här President, den 18. Juli, ass d'Baath-Partei zu Bagdad versammelt. De Saddam Hussein a Militäruniform, mat enger Zigar am Mond, klëmmt op d'Tribün. De Saddam wëllt President ginn, e war bis dohinner Vizepresident. Säi Koseng Al Bakar huet agewëllegt ze demissionéieren. De Saddam léisst e gefolterte Generol am grousse Sall eng Lëscht vu sougenannte Verréider vun der Baath-Partei virliesen. All Kéier wann en Numm genannt war, jäitzt de Saddam: „Hitla, hitla, eraus, eraus".

300 „Verréider" ginn an deene kommenden Deeg erschoss oder erhaangen. De Saddam Hussein huet sech als Diktator etabléiert. De Saddam Hussein ass, wéi mer alleguerte wëssen, elo zënter zwee Jorzéngten um Rudder. En huet net nëmmen de Kuwait iwwerfall, mä en huet am Irankrich géint den Iran a géint d'Kurde Massevernichtungswaffen agesat, dëst mam Wësse vum Westen.

D'USA hunn ee Moment esouguer dëst encouragéiert. 1983, wéi mir wëssen, war den Här Rumsfeld, deen elo Krichsminister ass, op Visite zu Bagdad. D'irakescht Vollek ass a Kricher gejot ginn, ass endoktrinéiert ginn, huet seng Dignitéit verluer, ass agepercht a lieft e kläglecht Dasein am Ghetto Irak.

Déi ergräifend Ausstellung, Dir Dammen an Dir Hären, „Verbrechen der Wehrmacht", déi 14.000 Lëtzebuerger jo zu Esch konnte gesinn, weist eis wat Krich ass, zumools all deenen déi d'Chance haten ni um eegene Leif ze spiere wat dëst wierklech bedeit.

Ee Bild ass mer bliwwen: Leningrad zum Beispill war jo vun de Nazien encercléiert während 900 Deeg. 620.000 Leit si gestuerwe vun Angscht a vun Honger. Dresden dann oder Hamburg zum Beispill bei Krichsenn, Conventry am Krich. Do hunn zéngdausende Leit an e puer Nuechten hiert d'Liewe verluer, ass hiert d'Liewen onschëlleg ausgeblose ginn.

A genee fir dës Dramen ze verhënneren huet dat grousst Amerika eis jo 1945 gesot, dass elo eng Zäit ubrieche misst wou d'internationaalt Recht, also d'UNO, dëst verhënnere soll. A genee ëm de Respekt vun dësem internationale Recht geet et haut. Den Irak engersäits, selbstverständlech, muss all Massevernichtungswaffen zerstéieren, respektiv zerstéiert kréien. D'Aufgab vun den Inspekteren, déi jo 1998 ënnerbrach ginn ass, muss minutiös zu Enn gefouert ginn. D'UNO anerersäits muss opgrond vun de Berichter vun den Inspekteren iwwert déi Suiten entscheeden, déi am Interesse vun der Weltgemeinschaft noutwendeg sinn.

Dass d'irakescht Vollek, net bildlech gesinn, niewent Leningrad och nach Dresden a Coventry muss iwwert sech ergoe loosse wéinst engem kretinöse Regim, deen och ouni Bommen, wann de Wëlle wierklech do ass, a mengen Aen ze léisen ass.

Déi amerikanesch Regierung wëllt de Krich, coûte que coûte, dat soe vill international Observateuren. Aus Grënn, déi mat Revanche ze dinn hunn, mat Uelech a schlicht mat Muecht. D'Folgen dovunner resüméiert de Jürgen Todenhöfer. Dat ass e laangjähregen CDU-Deputéierten, deen 20 Joer am Bundestag soutz, an en ass haut Chef vu Burda. E seet: „30 Tage Bomben provozieren 30 Jahre Terrorismus".

Amerika ass e grousst Land. Amerika huet e grousst Vollek a ganz vill gescheit Käpp. Et ass ze hoffen, dass dës gescheit Käpp déi manner gescheit an der Bush-Administratioun nach gezësst a gebremst kréien.

De Saddam Hussein huet et elo scho fäerdeg bruecht d'Europäesch Unioun an hirem Positionnement ze dividéieren. An déi zwee Länner, déi d'Eenheet vun der Europäescher Unioun jo verkierpere mussen, nämlech Frankräich an Däitschland, si mat aneren an der EU an Oppositioun gestallt ginn, net eleng mat England. Esou vill sollt deen Diktator net wäert sinn.

D'Europäesch Unioun steet a mengen Ae virun enger Erausfuerderung, vläicht där gréisster zënter de Réimesche Verträg, wou ech fäerten, dass se fatal Konsequenze ka kréien, wann duerch d'amerikanesch militäresch Operatioun am Irak eng regelrecht Cissioun duerch d'Europäesch Unioun goe kann. Dofir muss elo nach alles gemaach ginn, fir dësen iwwerflëssege Krich ze verhënneren.

Här President, der Lëtzebuerger Regierung, well mir si jo hei an der Lëtzebuerger Chamber, ass de Virworf ze maachen, dass si an dëser kapitaler Fro nach virun enger Woch kengem öffentlech an haart gesot huet wou se steet. Déi konfuzianesch Aussoen, dass se net an enger Krichslogik denke géif, an zur gläicher Zäit d'Ried vum Här Bush an de Rapport vum Här Blix ofwaarde géif, ass net grad vu Klorheet a vu Courage gekennzeechend. Den Drock op Amerika ass vun deene Länner gemaach ginn, déi kloer, haart an däitlech hir Positioun fixéiert hunn, an dat virun der Ried vum President Bush virgëschter. Ech hoffen, dass haut endlech Klorheet och hei zu Lëtzebuerg entsteet, Klorheet déi implizéiert, dass Lëtzebuerg sech net u Krichsvirbereedunge géint den Irak bedeelegt an ech géif am Numm vun eiser Fraktioun och eng Motioun an deem Sënn proposéieren.

Ech soen Iech merci.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant l'importance du dispositif militaire mis en place autour de l'Irak et les déclarations des dirigeants américains ne laissant guère de doute sur la volonté du Président des Etats-Unis d'intervenir militairement en Irak;*

*- réaffirmant avec force la primauté du droit international pour la résolution des crises ainsi que le rôle exclusif du Conseil de sécurité pour agir en cas de menace contre la paix et la sécurité internationale;*

*- considérant que l'unité de la communauté internationale, et notamment du Conseil de sécurité, est un élément déterminant pour obliger le régime irakien à se conformer aux obligations qui découlent des résolutions du Conseil;*

*- considérant que le déclenchement d'une guerre contre l'Irak constituerait une violation de la Charte des Nations Unies qui interdit l'agression d'un Etat contre un autre;*

*- considérant la résolution 1441 du Conseil de sécurité exigeant le désarmement effectif des armes chimiques, bactériologiques, radiologiques et nucléaires irakiennes de destruction massive si elles existent et le démantèlement d'une éventuelle capacité de l'Irak à produire de telles armes, sous le contrôle des inspecteurs de l'ONU;*

*- estimant que les inspecteurs de l'ONU doivent pouvoir mener à bien, en toute liberté et indépendance, leur mission de vérification et d'inspection;*

*- constatant qu'aucun élément substantiel ne prouve, aujourd'hui, selon les chefs des deux missions d'inspection, l'existence d'armements chimiques, biologiques et nucléaires en Irak, tout comme la menace militaire immédiate contre un autre Etat;*

*- considérant que la résolution n'autorise pas le recours automatique à l'utilisation de la force;*

*- exprimant de ce fait son opposition à toute action militaire unilatérale et estimant qu'une intervention préventive ne serait pas conforme au droit international et n'aurait par conséquent aucune justification sérieuse;*

*- considérant qu'un conflit causera nécessairement un nombre considérable de morts et de blessés tant parmi les soldats que dans la population civile, sans compter les destructions et contaminations massives;*

*- vu que l'embargo ne déstabilise pas le régime irakien, mais inflige en revanche des souffrances aux civils irakiens, particulièrement aux femmes et aux enfants;*

*- estimant qu'une guerre contre l'Irak intensifiera l'instabilité régionale dans une zone déjà traumatisée par le tragique conflit israélo-palestinien, provoquera une division au sein de la coalition internationale contre le terrorisme et par conséquent conduira à une crise plus profonde impliquant d'autres pays de la région;*

*- condamnant le régime antidémocratique irakien et réaffirmant sa solidarité et son soutien aux forces qui luttent pour un changement démocratique pacifique dans ce pays;*

*- souhaitant instamment une position commune de l'Union européenne et tout particulièrement des quatre Etats membres qui siègent actuellement au Conseil de Sécurité de l'ONU;*

*invite le Gouvernement*

*- à œuvrer au sein des organisations internationales dont il est membre afin*

*• d'éviter une guerre contre l'Irak;*

*• de continuer à exiger du régime irakien qu'il coopère activement avec les inspecteurs des Nations Unies, afin de leur permettre de progresser dans la compréhension des questions de désarmement non encore résolues et d'accéder à des documents qui leur auraient été refusés jusqu'à présent;*

*• de permettre aux inspecteurs de continuer leur travail pour poursuivre le processus du désarmement pacifique, et pour faire la lumière sur les questions relatives aux programmes d'armements de destruction massive laissées sans réponse jusqu'ici;*

*• de plaider pour que de nouvelles démarches ne soient effectuées par le Conseil de sécurité qu'après évaluation complète de la situation et sur base d'une nouvelle résolution;*

*• de refuser la logique de guerre et de rechercher une solution pacifique et durable qui respecte la dignité du peuple irakien et qui soit conforme au droit international, y compris la Charte de l'ONU, le droit humanitaire et les droits de la personne;*

*• de plaider en faveur de l'abrogation de l'embargo civil;*

*- à demander au Gouvernement américain de s'abstenir de toute action militaire unilatérale contre l'Irak et de respecter les principes du droit international;*

*- à s'exprimer publiquement contre toute participation dans une action militaire menée contre l'Irak, au cas où la solution aux problèmes liés à l'Irak n'est pas recherchée dans la stricte application de la Charte des Nations Unies et des résolutions du Conseil des Nations Unies.*

*(s.) Jean Asselborn, Alex Bodry, Ben Fayot, Lucien Lux, Jeannot Krecké.*

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Paul Helminger agedroen. D'Wuert huet den Här Helminger.

M. Paul Helminger *(DP)*.- Här President, wa vu Krich Rieds geet si mer alleguerte betraff an och zu Recht zudéifst besuergt. Mir liewen awer leider haut an enger Welt op där et op villen Ecker Konflikter gëtt, ënnert deene vill Leit leide mussen, a wou d'international Communautéit ëmmer méi sollicitéiert gëtt fir ze probéieren dës Konflikter ze maîtriséieren.

Huet dat eppes domat ze dinn, datt no dem Zesummebroch vun de kommunistesche Regimer an Osteuropa a vun der Sowjetunioun déi atomar Ofschreckung net méi esou fonctionnéiert, datt net méi déi eenzel Weltmuechten hir „Clienten" genügend kontrolléieren. De Fait ass, datt et ronderëm d'Welt ëmmer méi Länner, Gruppéierunge gëtt, déi versichen hiren oft legitime Fuerderunge mat Gewalt, mä mat enger Gewalt, déi u Brutalitéit kaum nach ze iwwertreffen ass, mat internationalem Terrorissem, zum Duerchbroch ze verhëllefen.

Et ass e Fakt, datt deen heitege Regime am Irak eng Gefor duerstellt, net nëmme fir dat eegent Vollek, dat ass elo viru kuerzem nach illustréiert ginn, just grad vum Spriecher vun der sozialistescher Partei, mä och fir d'Regioun vum Mëttleren Osten, an esouguer fir de Rescht vun der Welt. Den Irak huet sech iwwert déi no dem Golfkrich festgehalen UNO-Resolutiounen ewech gesat an alles anescht gemaach wéi kooperéiert. Fakt ass och, datt den Irak eréischt nodeem den Drock an d'Bedrohung vun engem Konflikt ganz eminent gi sinn, dunn de leschten November, no enger weiderer UNO-Resolutioun, agelenkt huet, an zënter 1998 konnten am Dezember vum leschte Joer déi éischt UN-Inspekteren erëm an den Irak goe fir Inspektiounen duerchzeféieren.

Elo nodeem de Rapport intermédiaire vum Chef vun dësen Inspekteren dëse Méindeg dem UNO-Sécherheetsrot presentéiert ginn ass, wësse mer, datt den Irak seng Massevernichtungsprogrammer nach net agestallt huet. Déi eng wäerten elo soen datt awer d'Beweiser net duergi fir e Krich unzefänken. Mä dat ass awer guer net direkt d'Fro. D'Fro ass ob den irakesche Regime sech endlech un d'UNO-Resolutiounen hält an aktiv u sengem Désarmement matwierkt. An zur där Fro ass d'Äntwert bis elo ganz kloer neen.

Et geet also drëm, datt den Irak endlech aktiv bei sengem Désarmement a Saache Massevernichtungswaffe kooperéiert. Dofir ass ze hoffen, an dat froe mer jo eis Regierung mat där Motioun, déi ech elo hei deponéieren, datt alles gemaach gëtt fir datt den UNO-Sécherheetsrot den UN-Inspektere méi Zäit gëtt fir hir Aarbecht op en Ënn ze bréngen. Déi Motioun huet am Moment véier Ënnerschréften, well ech net dovun aus wëll goen, datt iwwert d'Parteie vun der Majoritéit DP an CSV net dach deen een oder aneren Deputéierte sech géif fannen, dee se géing mat ënnerschreiwen.

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*- faisant sienne la déclaration du Conseil Affaires Générales de l'Union européenne réuni en date du 27 janvier 2003 qui se dit, notamment, «profondément préoccupé par la situation en Irak» et réaffirmant que «son objectif demeure le désarmement complet de l'Irak en armes de destruction massive»;*

*- rappelant la résolution adoptée par la Chambre des Députés en date du 10 octobre 2002 et les résolutions pertinentes du Conseil de Sécurité des Nations Unies, en particulier la résolution 1441 du 8 novembre 2002;*

*- rappelant que la résolution 1441 accorde à l'Irak une dernière possibilité de s'acquitter de ses obligations et que toute fausse information ou omission constituerait une nouvelle violation patente;*

*- notant que le rapport du Président exécutif de la Commission de contrôle, de vérification et d'inspection des Nations Unies, que ce dernier a présenté en date du 27 janvier 2003 au Conseil de Sécurité des Nations Unies énumère les difficultés dans le travail des inspecteurs notamment pour ce qui est des interviews avec les scientifiques;*

*- jugeant que les efforts restent insuffisants, en appelle par conséquent aux autorités iraquiennes de faire preuve d'une coopération inconditionnelle et active avec l'UNMOVIC et l'AIEA;*

*- soulignant que cette coopération implique également que les autorités iraquiennes fournissent impérativement et «sans délai aux inspecteurs toute information complète sur les questions soulevées par la communauté internationale»;*

*- prenant acte que le Président exécutif de la Commission de contrôle, de vérification et d'inspection des Nations Unies se montre confiant de pouvoir déceler les armes de destruction massive dont dispose l'Irak si ce dernier se tient à la lettre aux conditions retenues dans la résolution 1441;*

*- estimant que la Communauté internationale, sous la direction du Conseil de sécurité des Nations Unies doit rechercher, en premier lieu, par les moyens diplomatiques à éliminer le danger que constituent les armes de destruction massive dont peut disposer l'Irak et favoriser ainsi une issue pacifique à la situation en Irak;*

*- en appelle au gouvernement iraquien à coopérer de la manière la plus active et la plus ouverte avec les inspecteurs des Nations Unies afin de lever les incertitudes et de répondre aux interrogations de la communauté internationale non résolues depuis 1998;*

*invite le Gouvernement*

*- à soutenir toute action de la communauté internationale déployée dans le contexte des Nations Unies et visant à éliminer toutes les armes de destruction massive dont peut disposer l'Irak en usant de tous les instruments pacifiques et diplomatiques;*

*- à œuvrer au sein de l'Organisation des Nations Unies, mais également auprès des autres organisations internationales, afin que le Conseil de sécurité suive la proposition du Président exécutif de la Commission de contrôle, de vérification et d'inspections des Nations Unies pour prolonger la mission de l'UNMOVIC et de l'AIEA afin qu'un rapport complet sur les armes de destruction massive de l'Irak puisse être établi et un embrasement de la situation évité;*

*- à prendre dûment en compte tout nouvel élément d'information qui pourrait être soumis au Conseil de Sécurité pour permettre une prise de décision en connaissance de cause;*

*- à se concerter étroitement avec ses partenaires et alliés pour renforcer à travers une approche commune la pression sur l'Irak;*

*- à revenir impérativement devant cette Chambre en cas d'échec des efforts diplomatiques et avant un engagement éventuel de toute action militaire.*

*(s.) Paul Helminger, Jean-Paul Rippinger, Lucien Weiler, Claude Wiseler.*

Datt et duerchaus méiglech ass datt sech den UNO-Sécherheetsrot dozou décidéiert, beweist de Konsens deen déi 15 europäesch Ausseministeren de leschte Méindeg zu Bréissel fonnt hunn. Et soll also op all Moyenen zréckgegraff gi fir e Konflikt ze évitéieren. Deen ee Moyen ass sécherlech den diplomatesche Wee, en anere Moyen, deen d'Diplomatie ënnerstëtze soll, ass fir onmëssverständlech kloer ze maachen, datt, wann den Irak net kooperéiert, e mat Sanktioune rechne muss. Déi Method huet sech jo och bewäert, dat ass déi Method déi och an der UNO-Resolutioun vum November festgehale gouf. Ouni si wären nach haut keng UN-Inspekteren am Irak an ouni si hätt den UNO-Sécherheetsrot also och net zumindest e Rapport intermédiaire virleien.

Här President, den Henri Kissinger huet 1994 an engem Buch „Diplomatie" geschriwwen: „Les qualités nécessaires pour maîtriser le monde à naître, font partie liées avec l'abstraction. L'avenir est impossible à fixer de façon concrète et l'analyse des rapports entre l'espoir et la réalité envisageable, relève par essence de la conjecture."

D'Zukunft ass also onméiglech konkret viraus ze gesinn an d'Analys vum Verhältnis tëschent der Hoffnung, an dësem Fall op eng friddlech Léisung, an der méiglecher Realitéit ass par essence op enger Vermutung opgebaut.

Dofir hu jo och déi néideg Qualitéiten, déi ee brauch fir eis Welt am Grëff ze halen, esou en abstrakte Charakter. Fir eng gewëssen Uerdnung an dat Abstrakt ze bréngen, huet sech d'Weltgemeinschaft eng Rei vun Instrumenter ginn, ënner anerem d'UNO, fir zesummen no enger Léisung ze sichen.

Nach eng Kéier: Den Irak stellt eng Gefor duer fir säin eegent Vollek, de jetzege Regime fir de Moyen-Orient a fir de Rescht vun der Welt, an dofir musse seng Massevernichtungswaffen éliminéiert ginn. Dat geschitt entweder, an esou wéi mir alleguerten hoffen, als e Resultat vun UNO-Inspektiounen, oder, wéi dat schonn d'UN-Resolutioun vum November, déi iwwregens eestëmmeg ugeholl gouf, et muss ee mat grave Konsequenze rechnen, dat heescht mat enger militäresch Interventioun.

Mir hoffen also dass d'UNO-Inspektioune fortgefouert kënne ginn, dass den Irak iwwert dee Wee désarméiert gëtt. Mä ob dat Realitéit gëtt, wësse mir net. Am zweete Fall, wann eng militäresch Interventioun net ze évitéiere wär, musse mir hoffen dass dem Irak an domat och där Regioun zu méi enger stabiler Zukunft verhollef ka ginn, mä och déi Realitéit kenne mir net.

Här President, wat mer wëssen, wat mer kennen, ass d'Gefor déi vum Irak mat sengem heitege Regime ausgeet. Dat ass eng Realitéit déi net vun der Hand ze weisen ass. D'Fro, déi sech eis elo stellt, ass ob mir an d'international Communautéit mat där Realitéit, mat där Gefor liewe wëllen oder kënnen. An d'Äntwert dorobber ass kloer neen.

Ech soen Iech merci, Här President.

M. le Président.- Nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mir den 10. Oktober hei mat enger ganz grousser Majoritéit eng Motioun ugeholl hunn, wéi den 8. November vum leschte Joer d'UNO eng Resolutioun geholl huet déi drop higewisen huet, dass den Irak kéint Massevernichtungswaffen hunn, ass du vun alle Säite geduecht ginn, dass géing endlech Kloertext geschwat ginn, dass d'Situatioun sech géing klären.

Et ass gehofft ginn, dass entweder den Irak bei senger Erklärung oder spéitstens bei Geleeënheet vun dem Inspektorat am Irak selwer géing kloer gestallt ginn, ob Massevernichtungswaffe bestinn oder net.

Et muss ee festhalen, dass bis zum heitegen Datum keng Beweiser virleien. Et ginn der permanent ugekënnegt, mä d'Skepsis bleift bestoen. Et huet een absolut näischt Konkretes als Beweiser konnte virleeën an et kann een net e Krich duerchzéien ouni Beweiser. Déi Présomption d'innocence, déi muss bestoen. Se muss d'autant plus bestoen, well et ganz kloer ass, dass sech och aner Intérête kéinten hannerun enger Krichsaktioun verstoppe vu Säite vun Amerika, well et méiglech ass, dass se wirtschaftlech Intérête kéinte verteidegen.

Wann een also wëllt e Succès kréien, wann ee wëllt d'Opinion publique hanneru sech hunn, da mussen eindeuteg Beweiser virleien. Mir fäerten, dass en eventuelle Krich ganz schlëmm Konsequenze wäert hunn, an dat net nëmme fir d'irakescht Vollek, wat elo schonns ganz vill Misère kannt huet. Krich, dee sécherlech wäert Dausende vun Doudegen a Schwéierblesséierter mat sech zéien. D'Arabesch Welt riskéiert ëmmer manner Sympathien ze hunn am Kampf géint den Terrorismus an au contraire ëmmer méi riskéiert Sympathien ze kréie fir déi Leit, déi méi eng haart Sprooch vis-à-vis vum Weste wëlle promouvéieren.

Et ass och eng Gefor fir d'Weltwirtschaft, wann et zu engem Krich géing kommen. D'Risike vun enger Eskalatioun vum Terror queesch duerch d'Welt ginn ëmmer méi grouss. Mir mengen dofir, dass alles muss gemaach gi fir e Krich ze évitéieren. Mir mengen och, dass d'Regierung soll hei an der Chamber endlech kloer Positioun bezéien, wat si genau wëllt. Bis elo ass dat weder an enger offizieller Deklaratioun nach um Radio nach op der Televisioun bekannt gemaach ginn.

Mir hunn och gesinn, dass d'EU-Ausseministeren anscheinend eng eestëmmeg Haltung kritt hunn. Gëschter Owend konnt een awer erausliesen an och Zitater fannen, dass siwen EU-Länner hir Solidaritéit eendeiteg mat Amerika bekannt gemaach hunn. Esou ass et wéinstens iwwer e groussen amerikanesche Televisiounssender gaangen, an dofir wäre mir frou wann och d'Regierung hei hir Positioun an och déi Differenzen an der Europäescher Unioun géing vläicht e bësse méi kloer duerstellen.

Mir mengen op jiddfer Fall, dass ënnert deene jetzegen Ëmstänn et net ubruecht ass op iergendeng Weis e Krich géint den Irak unzegoen oder ze justifiéieren. Mir mengen, dass den Inspektere muss all Latitude an all Zäit gelooss gi fir hirer Missioun kënnen nozegoen. A mir mengen och, dass wann et sollt zu engem Beweis kommen, deen eendeiteg wär a wou een effektiv géing gesinn, dass Waffen do sinn, déi eng grouss Gefor fir d'Mënschheet bedeiten, da misst eng spezifesch a ganz prezis UNO-Resolutioun all eventuell Krichsaktiounen ënnerstëtzen an ënnermaueren. Ablécklech leien déi Donnéeën net vir, an dofir muss den Inspekteren all Zäit gelooss ginn. An deem Sënn déposéiere mir och eng Motioun.

***Motion 4***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la résolution 1441 adoptée par le Conseil de sécurité des Nations Unies à sa 4644ème séance, le 8 novembre 2002, constitue „une dernière possibilité" accordée à l'Irak „de s'acquitter des obligations en matière de désarmement qui lui incombent en vertu des résolutions pertinentes du Conseil";*

*- constatant que le „régime d'inspection renforcé" fut institué „dans le but de parachever de façon complète et vérifiée le processus de désarmement établi par la résolution 687 (1991) et les résolutions ultérieures du Conseil";*

*- considérant qu'il faut tout mettre en oeuvre pour exécuter la résolution 1441 sans recourir à la force et qu'il est essentiel d'accorder aux inspecteurs en désarmement de l'ONU tout le temps nécessaire pour accomplir leur mission;*

*- considérant que la résolution 1441 ne comporte par d'automatisme en ce qui concerne un éventuel recours à la force contre l'Irak;*

*- considérant qu'une action militaire éventuelle contre l'Irak ne doit s'effectuer que sous l'égide des Nations Unies;*

*- rappelant la motion „Irak" adoptée par notre Chambre le 10 octobre 2002;*

*invite le Gouvernement*

*à oeuvrer au sein des organisations internationales dont il est membre afin:*

*- qu'il soit accordé à la Commission de contrôle, de vérification et d'inspection des Nations Unies tout le temps nécessaire à la réalisation de sa mission en Irak;*

*- que tout éventuel recours à la force contre l'Irak ne puisse s'effectuer que suite à l'adoption d'une résolution spéciale et explicite du Conseil de sécurité des Nations Unies.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

M. le Président.- Et ass elo un der Regierung. D'Wuert huet d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen haut fir déi zweete Kéier an dräi Méint iwwer e Land, iwwer eng Situatioun, wou mir eis all bewosst sinn, dass se grav Gefore fir déi eege Bierger, fir dat eegent Land an awer och fir d'international Communautéit kann duerstellen. An déi Geforen an déi Tensiounen, déi vun deem Land ausginn, dat ass eng Situatioun déi scho laang undauert.

Et ass de Mëtten e puermol scho vun der Invasioun vum Kuwait geschwat ginn. Duerno si während Jore Resolutioune geholl ginn am Kader vun de Vereenegten Natiounen, déi den Irak opgefuerdert hunn eng Rei Obligatiounen anzegoen, fir seng Massevernichtungswaffe wierklech ze vernichten.

An ech brauch Iech net drun ze erënneren, dass während enger Rei Joren Inspekteren an deem Land waren, mä dass 1998 déi Inspektiounen opgehalen hunn, well d'Inspekteren, déi do waren, hir Aarbecht net méi konnten erleedegen; dass den 11. September 2001 sech mat Kloerheet eng nei Menace gewisen huet, déi vum Terrorismus kann ausgoen, vu Regimer oder vu Gruppen, déi sech u keng vun deene Rechter halen, déi fir ons esou wäertvoll sinn, an zu deene mir ons alleguer, besonnesch och nom Zweete Weltkrich, wierklech engagéiert hunn am Kader vun de Vereenegten Natiounen, fir op enger anerer Basis onst Zesummeliewen ze organiséieren, dat ass wuel jiddferengem kloer ginn; an dass am Kampf géint den internationalen Terrorismus déi allermeescht Natioune vun dëser Welt sech engagéiert hu mat neier Détermination virzegoen. Dat war e Schrëtt deen och vun dëser Chamber, an e puer Diskussiounen déi mir haten, begréisst an ënnerstëtzt ginn ass.

An et ass am Kader vun deem Engagement, wou am Laf vum leschte Joer den Drock op den Irak méi staark ginn ass, fir eben de Beweis der internationaler Communautéit ze bréngen, dass déi Massevernichtungswaffen déi se haten - do besteet keen Zweifel drun - vernicht gi sinn an dass se och net weider un esou Programmer schaffen. Dass während Méint keng Kooperatioun vun där Säit komm ass, ass gewosst, an dass effektiv Amerika, besonnesch ëm de Summer d'lescht Joer, méi déterminéiert wéi anerer an deem do Kontext Froe gestallt a Konsequenze verlaangt huet, dat alles hu mir alleguer an där Oktoberdiskussioun, déi mir haten, nach eng Kéier kloer gesot.

An et waren d'europäesch Natiounen zesummen, déi besonnesch vum September un e ganz staarken, ech wëll net nëmme soen Drock, mä och eng ganz staark lwwerzeegungskraaft ugewannt hunn, fir Amerika drop ze bréngen déi doten Engagementer, déi den Irak vis-à-vis vun der internationaler Communautéit geholl huet, am Kader vun de Vereenegten Natiounen ze loossen a fir do zesummen an der Unioun méi staark ze si fir d'Kollaboratioun vum Irak ze kréien.

A wéi de 14. September de President Bush a senger Ried virun den Nations Unies sech a säi Land kloer an d'Schinn vun den Nations Unies bruecht a gesat huet, hu mir dat alleguer zesummen e wichtege Schrëtt fonnt. Mir haten hei, an da kommen ech drop, am Oktober - ech mengen et war den 10. Oktober - eng Debatt, wou mir als Regierung dat doten alles vill méi am Detail nach eng Kéier widderholl hunn a wou mir als Regierung vun dëser Chamber opgefuerdert gi sinn all Efforte mat ze droen an all Efforten ze maachen, fir déi Gefor, déi vum Irak ausgeet, am Kader vun den Nations Unies kënnen ze behandelen an natierlech, well dorëm geet et, Äntwerten dorop ze kréien, fir den Désarmement vum Irak fäerdeg ze bréngen. Dat war am Oktober.

An ech hunn hei op dëser Tribün d'Engagement geholl, dass esou bal déi diplomatesch Négociatiounen, déi um internationale Plang am Kader vun den Nations Unies solle geholl ginn, éiren net géingen zu engem positive Resultat féieren, direkt heihinner zréckzekommen. Gott sei Dank ass dunn - a mir hunn eis all driwwer gefreet - Ufanks November eng Resolutioun am Kader vum Conseil de sécurité vun den Nations Unies ugeholl ginn. Eng Resolutioun, déi den Irak an deene schäerfsten Termen opfuerdert elo, an dat wär déi lescht Chance déi hie krit, wierklech voll a ganz ze kollaboréiere mat den Inspekteren déi dohinner kéimen. Ëmmer nees fir dat eent a selwecht Zil ze erreechen: D'Entwaffnung vum Irak!

Ech wéilt hei ënnersträichen, dass mir net sollte vergiessen, dass déi Resolutioun vum Conseil de sécurité à l'unanimité ugeholl ginn ass, am Conseil de sécurité wou 15 Länner dra sinn: déi fënnef permanent, déi Dir kennt, Frankräich, Groussbritannien, Amerika, Russland a China plus zéng aner Länner, déi eben am Turnus wiesselen.

Am November zum Beispill, ech nennen Iech nëmmen d'Land Syrien, well et am Kloerste weist wéi eescht d'Situatioun ass, e Land wou ee jo awer elo wierklech net kéint soen et hätt eng terribel Complaisance vis-à-vis vun Amerika oder vun all deenen aneren, huet Syrien à l'unanimité déi Motioun géint den Irak oder déi Motioun, déi den Irak opfuerdert voll a ganz ze kollaboréieren, ugeholl. Wann ech dat hei ënnersträichen, dann ass et, fir net am Detail op all déi Duerstellungen anzegoen déi hei ëmmer gesot ginn, dass dat dote jo alles nëmme gemaach gëtt wéinst dem Pëtrol: „Nëmme wéinst dem Pëtrol ginn all déi Diskussioune gefouert a gëtt den Irak wierklech scho bal gequëtscht a gepéngegt." Neen, hei si mir an enger Resolutioun déi vun der ganzer internationaler Communautéit festgehale ginn ass an, wéi gesot, Länner, déi dem Irak bestëmmt méi no sti wéi all déi aner, wéi Syrien, hunn dat mat gedroen.

A wat gëtt an där Resolutioun zum Beispill gesot, an dat ass en Deel vun der Äntwert op dat wat den Här Urbany gefuerdert huet, wou hie seet: „Jo, ee klenge Feeler. Wat géing dat dann heesche wa se vergiess hätten eppes ze soen, wann den Irak a senger Opzielung eppes vun deem vergiess hätt? Wär dat da wierklech esou schlëmm?"

Et bien, ech liesen Iech nëmmen de Paragraph 4 vun där Resolutioun vir, an erënnert Iech dorun dass Syrien dat heite mat gedroen huet géint den Irak: „décide que de fausses informations ou des omissions dans les déclarations soumi-

ses par l'Irak en application de la présente résolution et le fait à tout moment de ne pas se conformer à la présente résolution et de ne pas coopérer pleinement dans sa mise en oeuvre constitueront une nouvelle violation patente des obligations de l'Irak et seront rapportés au Conseil aux fins de qualification."

Hei geet et also net nëmmen ëm falsch Informatiounen, mä souguer ëm Omissiounen. Dat ass den 8. November ugeholl ginn an enger Resolutioun an de 27. November konnten d'Inspekteren hir Inspektiounen ufänken. Dir wësst dat alleguerten. Dir hutt dat gelies an Dir hutt och gelies wat den Här Blix an den Här Baradei, déi déi Inspektiounen do duerchgefouert hunn, de leschte Méindeg, dat heescht de 27. Januar, dem Conseil de sécurité zu New York virgeluecht hunn.

Si hu ganz kloer virgeluecht, an Termen déi méi schaarf ware wéi déi déi den Här Blix jee gebraucht huet, dass den Irak zwar gewëss se eragelooss huet an dass se déi Saachen, déi se wollte kucke goen, och konnte kucke goen, mä dass awer keng aktiv Kollaboratioun vun dem Irak virlouch. Ee Beispill. Wa gefrot gëtt: Jo, wou sinn dann déi chemesch Waffen, déi Dir jo awer 1998, wéi d'Inspekteren nach hei waren, hat? Wat ass da mat deenen entre-temps geschitt? Dorop ginn et keng Äntwerten. Jo, si si vernicht ginn. Jo, mä dann hutt Dir jo bestëmmt doriwwer Donnéeën! Neen, där si keng méi do. Mä déi Leit, déi se vernicht hunn, ginn et jo awer bestëmmt nach? Da kënnte mir déi jo vläicht interviewen, fir gewuer ze gi wat geschitt ass.

Op all déi Froe si keng Äntwerte komm, keng satisfaisant Äntwerten, esou dass den Här Blix sech ebe selwer zur Dispositioun vum Conseil gestallt huet fir déi Inspektioune weider ze féieren. Dat ass och elo entre-temps genehmegt an déi Inspektioune wäerte weiderfueren, mä mat der klorer Oplag, dass et awer elo wierklech um Irak ass voll a ganz an aktiv mat ze kollaboréieren.

An hei wëll ech vläicht op dee Punkt insistéieren, dee mir awer wann ech glift net sollen aus dem A verléieren. Iwwer eppes heibannen, mengen ech, si mir eis all eens: Mir géingen alles maachen a mir wëllen alles maache fir e Krich ze verhënneren, mä mir wëllen awer och alles maache fir dass d'UNO, déi wierklech d'Äntwert vun der Völkergemeinschaft op déi fuerchtbar Situatiounen nom Zweete Weltkrich war, ka si wat se wëllt sinn, dat heescht e crédibelt Instrument an der Hand vun der Völkergemeinschaft. Zum Beispill dee Saz, deen den Här Bausch zitéiert huet aus enger däitscher Zeitung, dass et muss esou sinn dass d'Stäerkt vum Recht virum Recht des Stärkeren ass, just dat soll jo d'UNO verkierperen a just dat ass jo dat Zil wat mir alleguerte wëllen erreechen.

Mä an all Rechtsstat, an dat ass jo de Propre vun engem Rechtsstat, geet et net duer Gesetzer ze hunn, mä se mussen och nach applizéiert ginn. Fir déi, déi d'Gesetzer net respektéieren, ass an all Rechtsstat, well soss ass et keen, och eng Sanktioun, an déi Institutioun muss d'Méiglechkeet hu fir déi Sanktioun duerchzezéien. Dorëm geet et. Et geet ëm d'Crédibilitéit och vun den Nations Unies. Wann d'Unanimitéit vun der internationaler Gemeinschaft sech eens ass fir ze soen: „Hei ka ganz Geféierleches geschéie fir ons all an hei muss een entwaffnet ginn", da muss se sech selwer och Moyene gi fir dat kënnen ze maachen.

Ech mengen, dat soll een heibannen net vergiessen, well et konnt een heiansdo bei verschiddenen Interventioune vläicht mengen oder vergiessen, wat dat lescht Zil vun all eisen Interventiounen ass, an dat ass d'Entwaffnung vum Irak.

Wou si mir elo drun an der Prozedur? Ma ganz einfach, d'Inspektioune gi weider bis de 14. Februar, wou den Dr Blix gesot huet hie géing en neie Rapport virum Conseil de sécurité maachen. An dem President Bush senger Ried vu virgëschter huet hie gesot, dass och Amerika nei Preuven op den Dësch leeë géing. Déi Propositioun ass positiv ugeholl gi vun enger ganzer Rei Länner, ënnert deene Länner war och Frankräich, déi sote si géinge sech natierlech och virenthalen nach hir Beweiser oder hire Wëssensstand an déi Diskussioun eranzebréngen.

Jiddfereen ass sech jo natierlech d'Gravitéit vun deenen Décisioune bewosst, déi à la rigueur de 14. Februar kéinte geholl oder envisagéiert ginn. Nëmme mat dem Wëssensstand vun alle méiglechen Detailer a Realitéite kann een an déi Diskussioun do goen.

Wat ass d'Situatioun oder wat ass d'Positioun déi d'Lëtzebuerger Regierung an deene leschte Méint ageholl huet, a genau opgrond vun deem Mandat dat se och vun dëser Chamber krut?

Mir hunn an alle Forume wou mer waren, an dat souwuel um Niveau vun der Europäescher Unioun wéi vun der NATO, ebe versicht d'Unitéit vun de Partner oprecht ze halen an ze verlaangen datt, an dem Kader vum Conseil de Sécurité, déi Situatioun, déi Tensioun an de Konflikt ëm den Irak géingen diskutéiert ginn. Mir sinn de Moment och nach op där Schinn an dofir wëlle mir eis och net an d'Logik vun engem Krich setzen.

Wëssend datt, wann de 14. Februar de Wëssensstand dee Moment anescht wier, d'Situatioun natierlech och géing eng aner Reaktioun verlaangen. Mä dee Moment awer a voller Kenntnis vun deem wat d'Bedrohung vum Irak wierklech duerstellt an an deem mer et musse fäerdeg bréngen d'Unitéit ze halen.

Well et gëtt de Moment ee Moyen fir dee Krich ze verhënneren. Et gëtt ganz kloer ee Moyen, an dat ass datt den Irak kollaboréiert. De Kofi Annan, e wierklech, mengen ech, équilibréierte verantwortungsvolle Mann, huet virun e puer Deeg gesot, datt d'Menace vun engem Krich méi effikass ka sinn a méi effikass ass wéi de Krich selwer. Deem ass och esou. Mä nach muss just den Irak dat och esou gesinn an e muss spieren, datt déi Menace ka reell sinn an datt d'international Communautéit dat och wierklech eescht hélt.

Dofir all déi Manoeuvren - an erlaabt mer dat ganz kloer ze soen - déi drop eraus ginn déi international Communautéit ze deelen an auserneen ze driften, déi kënnen nëmmen dem Irak zouspillen. A wann de Saddam Hussein eis éiren nogekuckt hätt, da misst hien hei och bei verschiddenen Interventiounen de Mëtte sech wahrscheinlech e bësse méi confortabel gespiert hunn, well et wousst een op eemol mat Momenter net méi wien op der Uklobänk wier, ob et den Irak wier oder ob et anerer wieren.

Plusieurs voix.- Très bien.

Mme Lydie Polfer, Ministre *des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Ech wëll awer do kloer soen, datt dat eng onverantwortlech Haltung wier an datt mer zesummen dem Irak musse kloer maachen, wéi gesot, datt et wierklech gelaut huet an datt si musse kollaboréieren an ënnert deenen Ëmstänn kann ee Krich verhënnert ginn.

Mir als Lëtzebuerg wëssen, wéi mir zu all eisen Alliéierte stinn. An ech brauch lech hei net ze soen, datt effektiv verschidde Sensibilitéiten do sinn. Mir wäerten alles maache fir déi esou laang et geet zesummen ze halen a fir ze hoffen, datt duerch déi Stäerkt, déi an der Unitéit géing leien, mer dat fäerdeg brénge wat mer eis alleguerte wënschen, nämlech dee Krich do ze verhënneren.

An ech si gäre bereet, an d'ganz Regierung ass bereet, heihinner zréck ze kommen an direkt heihinner zréck ze kommen, soubal wou d'Situatioun um internationale Plang am Kader vun den Diskussioune vum Conseil de Securité géing weisen, datt eben entweder d'diplomatesch Beméiungen déi ënnerholl ginn gescheitert wieren, an dat wier dee Fall wou ech hoffen datt mer net géingen dra kommen, ech kéim vill léiwer heihinner zréck wa mer zesumme kënnte feststellen, datt d'diplomatesch Efforten hir Friichte gedroen hätten an datt mer, wéi gesot, op eng friddlech Aart a Weis den Irak kéinten entwaffnen. Fir all aner Eventualitéite sti mer der Chamber natierlech hei bereet, fir all Diskussioun an aller Offenheet an Transparenz ze féieren.

Ech kënnt elo op déi verschidden Interventiounen nach agoen déi hei gemaach gi sinn, besonnesch wat den Här Urbany och gefrot huet, ob hei deux Poids et Mesures géingen ugewannt ginn. Här Urbany, et ginn eng Rei Ënnerscheeder ob mer vum Irak schwätzen oder vun Indien oder Pakistan. Bei Indien a beim Pakistan, do geet ee vun enger eventueller nucléairer Gefor aus, déi zwee Länner si Membere vun der AIEA, déi dat eben do och kontrolléieren, an dat ass net dee Volet deen am Fall vum Irak déi gréisste Gefor ass, dat huet de Rapport vum Baradei jo ganz kloer och gewisen. Am Fall vum Irak ass déi gréisst Gefor eben déi chemesch an déi biologesch Waffen, mir sinn also hei an engem anere Fall.

Den Här Urbany hat och nach gefrot, wéi gesot, ob eng Automaticitéit an der Resolutioun vun der UNO virgesi wier. Ech mengen ech hu kloer genuch gemaach, datt am Kader vun der UNO d'Diskussiounen net ofgeschloss sinn an datt opgrond vun deenen Inspektiounen, déi elo weider gefouert ginn, d'Inspecteuren erëm kommen; datt Diskussiounen am Kader vun dem Conseil de Sécurité wäerte geféiert ginn an datt mer duerno natierlech bereet sinn der Chamber hei all Informatiounen iwwert déi nei Situatioun, déi mer hoffen, datt se positiv ass, wäerte ginn, fir dass mer dee Krich hei évitéiere kënnen. Mä mir stinn op alle Fall zu eisen Obligatiounen, och am Kader vun deenen Alliancen déi mer agaange sinn, an déi wëlle mer och zesumme mat dëser Chamber droen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss a mir kéimen dann elo zum Vote iwwert d'Motiounen.

***Motions***

***(Interruption et brouhaha général)***

Mir fänken da mat der Motioun 1 un, dat ass d'Motioun vun deene Grénge déi ausgedeelt ginn ass an déi Dir textuell alleguerte virun lech leien hutt. Ech menge mir kënnte jo dann doriwwer ofstëmmen.

Mir stëmmen also of. De Vote électronique ass verlaangt.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass verworf mat 34 Nee-, 8 Jo-Stëmmen a 17 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*



*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp.*

Da komme mer zur Motioun 2 déi den Här Asselborn abruecht huet, an do freet den Här Asselborn d'Wuert.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Jo, Här President, just ee Saz. Also virun allem déi zwee lescht Tirete maachen den Ënnerscheed däitlech tëschent eiser Motioun an der Motioun vun der Regierung, an dofir wëll ech och direkt soen, dass mer déi Motioun vun der Regierung net kënne stëmmen.

***(Interruption)***

Ech soen Iech vläicht an engem Wuert och firwat. D'Madame Polfer ass guer net drop era gaangen. Den Här Bush, President vun Amerika, huet virgëschter gesot, dass och ouni UNO-Mandat Amerika géif militäresch intervenéieren. Bon, dofir fuerdere mir d'Lëtzebuerger Regierung op, an deem zweetleschten Tiret, den Amerikaner eng Kéier ganz kloer ze soen, dass mer als Lëtzebuerger Regierung solle géint eng militäresch unilatéral Interventioun sinn, an zweetens, an deem leschten Tiret, dass mer eis hei an der Chamber géint all Participatioun vu Lëtzebuerg un enger unilatéraler militärescher Aktioun ausdrécken.

M. le Président.- Mir stëmmen also dann iwwert déi Motioun 2 vum Här Asselborn of.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 2 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass verworf mat 34 Nee-, 20 Jo-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par Mme Nelly Stein), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Da kéime mer un d'Motioun 3 déi den Här Paul Helminger abruecht huet. Den Här Jean-Paul Rippinger freet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Bei där Motioun, déi den Här Helminger erabruecht huet, gesäit jo all Mënsch dass nëmme véier Ënnerschréften drop sinn. Mir hu se opstoe gelooss, am Fall wou nach eng aner Fraktioun wëllt drop ënnerschreiwen. Am anere Fall, wa se dat net wëlle maachen, dann ënnerschreift déi Motioun nach den Här Niki Bettendorf.

M. le Président.- Den Här Krecké huet d'Wuert gefrot.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här President, mir gesinn eis ausser Stand déi Motioun ze ënnerschreiwen, déi geet net wäit genuch an dofir wäert och kee vun eis déi do mat ënnerstëtzen.

M. le Président.- Abee, si huet jo awer fënnef Ënnerschréften, den Här Bettendorf kënnt derbäi. D'Konditioune sinn also erfëllt a mir kënnen driwwer ofstëmmen.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 3 ass ugeholl mat 35 Jo-Stëmmen, 1 Nee-Stëmm an 23 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par Mme Nelly Stein), Lucien Clement, Marcel Glesener (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Aly Jaerling.*

*A voté non: M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Da kéime mer zur Motioun 4 vum Här Henckes.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 4 ass verworf mat 35 Nee-, 7 Jo-Stëmmen a 17 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand*

*Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Jean-Marie Halsdorf), Lucien Clement, Marcel Glesener (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wier dee Punkt erleedegt a mir kënnen zum nächste Punkt vun der Dagesuerdnung iwwergoen, an zwar ass dat d'Diskussioun iwwert de Projet de loi 5004, de siwente Fënnefjoresplang iwwert déi touristesch Infrastruktur. Et si bis elo agedroen: déi Häre Schank, Scheuer, Belling, Greisen, Garcia an d'Madame Nagel.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Claude Wiseler.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här Wiseler, loosst Iech Zäit!

## 2. 5004 - Projet de loi ayant pour objet d'autoriser le Gouvernement à subventionner l'exécution d'un septième programme quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique

***Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement***

M. Claude Wiseler *(CSV), rapporteur.*- Ech wosst, dass dat hei e groussen Themen- a Szeenewiessel ass vun deem enge Sujet op deen aneren, mä eis Aarbecht geet weider a mir schwätzen dann elo de Sujet vum Programme quinquennal vum Tourismus un, andeems mer eis bewosst sinn, datt an deene leschte Joren hei am Land - an et ass een inländesche Sujet - den Tourismus eng ganz grouss ekonomesch Croissance kannt huet zu Lëtzebuerg an a ganz Europa.

Wa mer zu Lëtzebuerg kucke wat an deene leschte Joren un Tourismusinfrastrukture bestanen huet, da stelle mer fest datt am Joer 2000 2.400 Etablissementer an dem Secteur touristique geschafft hunn. Dat waren 319 Hotelen, Aubergen, Pensiounen, mat ronn 7.700 Zëmmeren, dat waren 323 Campinge mat iwwer 13.000 Emplacementer, 12 Jugendherberge mat iwwer 1.200 Better, 3 Jugendzentre mat 210 Better, dat waren 2,6 Milliounen Nuitées mat enger Durée moyenne vun 2,1 Nuitées pro Séjour wat d'Hôtellerie ugeet, a 5,4 wat d'Campingen ugeet, a ronn 12.000 Persounen déi hei zu Lëtzebuerg am grousse Ganzen an deem Secteur beschäftegt sinn.

Alles dat sinn impressionnant Zuelen, alles dat sinn Zuelen déi ee sech net ëmmer esou bewosst ass wann een als Lëtzebuerger vum Tourismus schwätzt, mä déi awer kloer d'Wichtegkeet vun deem Secteur an eiser nationaler Ekonomie beweisen.

Dee Secteur ass dann och an deene leschte Jorzéngte vu sougenannte Fënnefjorespläng begleet ginn. Zënter 1973 kenne mer dat Instrument vum Fënnefjoresplang wat den Tourismus begleet huet, wat den Tourismus a sengem Développement gehollef huet fir weider ze kommen. Den Tourismus gëtt hei am Land als eng ekonomesch Branche betruecht, an an deem Sënn ass och de Fënnefjoresplang en Instrument, dat eng wirtschaftlech Branche an eisem Secteur soll begleeden, soll ënnerstëtzen, soll a richteg Weeër weiderféieren.

Déi Evolutioun huet, wéi gesot, 1973 ugefangen. Wann een awer elo d'Evolutioun vun deene siwe Fënnefjorespläng kuckt, déi an deene leschte Jore sech een nom anere suivéiert hunn, da gesäit een och e wéineg wéi den Tourismus evoluéiert huet. Deen éischte Fënnefjoresplang ass haaptsächlech drëm gaange fir Subventionnementer de Gemengen an de Syndikater ze ginn, fir Equipement an Infrastrukturen ze ënnerstëtzen.

1978, am zweete Fënnefjoresplang, si schonn eng Rei Zilsetzungen zousätzlech komm. Do ass et drëm gaangen, zousätzlech zu deem wat ech virdru gesot hunn, fir och Hëllefen ze gi fir d'Hôtellerie, da wann d'Hôtellerie sech moderniséiert, rationaliséiert oder erweidert.

1983 sinn nach zwou aner Zilsetzungen dobäi komm. Dat si Subventioune fir den Aménagement vu Gîtes ruraux a fir d'Conservatioun an d'Mise en valeur vun eisem kulturelle Patrimoine.

1988 sinn nach aner Initiativen dobäi komm, zum Beispill déi iwwert d'Hëllef wa Privatinitiative Projete maachen déi eng regional Wichtegkeet hunn oder fir d'Konstruktioun vun der Hôtellerie oder fir privat Campingen oder fir Syndikater, déi sech informatiséiert hunn oder anert audiovisuellt Material ugeschaaft hunn.

An dësem Fënnefjoresplang, deem siwenten, deen also 2003 soll ufänken, sinn zwou aner nei Missiounen dobäi komm, déi d'ganz Evolutioun vu deem Secteur e wéineg weisen an déi eis och verstoen dinn, wou haut eis Stäerkten a wou eis Schwächte leien. Et sinn u sech zwou Missiounen dobäi komm. Déi éischt ass, datt et am Kader vu dësem neie Fënnefjoresplang méiglech wäert ginn eng Rei Projete finanziell ze begleeden, net nëmmen um Investissement vun den Infrastrukturen, mä och an hirem Fonctionnement. Déi zweet ass d'Méiglechkeet ze gi fir Konzepter an Etüden auszeschaffen, fir also esou e wéineg méi an déi Professionnalisatioun vun deem Secteur mat eran ze kommen, an dat ass e wesentlechen Aspekt.

1992 hat den Tourismusminister Fernand Boden eng Etüd an Optrag ginn, fir d'ETI, déi sollt e wéineg eisen Tourismussecteur analyséieren. Dat ass och geschitt sengerzäit an do sinn och eng ganz Rei Richtlinne festgehale ginn.

Fir d'éischt ass festgehale ginn, datt mer hei zu Lëtzebuerg e Secteur wëllen deen d'Liewensqualitéit an d'Qualitéit vum Tourismus ënnerstëtzt. D'Qualitéit ass e Stéchwuert ginn an eisem Tourismus am grousse Ganzen. D'Qualitéit an d'Durabilitéit vun deem wat mer maachen, an doropshi sinn eng Rei Créneauen definéiert ginn, wou déi Kompetitivitéit an eis spezifesch Atoutë kënnte verstäerkt ginn. Ee vun deene Créneauen ass den Tourismuskongress, den Incentive-Tourismus hei zu Lëtzebuerg, deen och an deene leschten zéng Joer wesentlech développéiert ginn ass, mat all deenen Infrastrukturen déi mer notamment an der Stad Lëtzebuerg hunn, mä déi awer och dezentraliséiert gi sinn, wou an Hotelen och Kongresssäll an Ähnleches matgeplangt ginn ass, fir och dee Kongresstourismus net nëmmen an der Stad Lëtzebuerg, mä och ronderëm d'Stad kënnen ze organiséieren.

En zweete grousse Secteur ass dee vum Kulturtourismus hei zu Lëtzebuerg, a mir wësse wat fir e kulturelle Räichtum mer hei zu Lëtzebuerg hunn. Dëse Fënnefjoresplang, wéi alleguer déi aner, erlaabt dann och all déi Infrastrukturen, déi ronderëm d'Kultur sinn, wéi Muséeën zum Beispill oder ähnlech Infrastrukturen, finanziell ze ënnerstëtzen. Wësse muss een awer och, datt all déi Ënnerstëtzung selbstverständlech net nëmmen iwwert de Programme quinquennal hei kënnt, mä datt och eng ganz Rei Projeten iwwer spezifesch Gesetzestexter, an do brauch een der jo nëmmen e puer ze nennen, wéi zum Beispill d'Concertshal déi gebaut gëtt oder den neie Musée dee gebaut gëtt, oder dee Projet dee mer elo an der Kulturkommissioun hunn iwwert de Musée de la Forteresse an iwwert de Wenzelspad, alles kulturell Infrastrukturen déi finanzéiert gi vun der öffentlecher Hand an déi de Kulturtourismus wesentlech ënnerstëtzen.

E véierte groussen Akt ass den Tourismus am Milieu rural an den internen Tourismus selwer hei zu Lëtzebuerg. Déi Etüd, déi de Minister Boden 2001 nach eng Kéier beim ETI an Optrag ginn huet, bescheinegt, dass u sech déi véier Zilsetzungen, déi mer ufanks den 90er Joren eis gesat hunn, och zu engem groussen Deel erreecht gi sinn, datt déi infrastrukturell Offer, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, relativ gutt ass, datt mer en Equipement grad momentan kennen, deen en internationalen Niveau huet. Dat op där enger Säit, an op där anerer Säit seet se awer och, datt nach zousätzlech Efforten ze maache si wat d'Organisatioun vum Tourismus ugeet, wat d'Formatioun, wat de Marketing ugeet. An der Kommissioun hate mer och e groussen Deel vun deenen Diskussioune ronderëm dee Sujet a mir kommen och an deenen nächste Wochen nach eng Kéier am Detail op déi ETI-Etüd, déi mer kruten, zréck.

Wat den Avis vun der Chambre de Commerce ugeet, do ass u sech ze soen, datt och d'Chambre de Commerce kloer d'Wichtegkeet vun der Tourismusentwécklung an deene leschte Joren ënnersträicht, datt se awer och ganz kloer weist wéi positiv déi Inzidenze vun deene successive Fënnefjorespläng op d'Lëtzebuerger Tourismusbranche waren.

Fir d'Chambre de Commerce ass déi gréissten Erausfuerderung d'Verlängerung vun der Saison. Genau dat ass et jo wat dëse Fënnefjoresplang - wéi och schonn dee virdrun - wëllt erreechen, andeem en notamment Strukture wéi kulturell Strukturen, Sportsstrukturen, Muséeën, Fräizäitstrukture mat subsidiéiert, an och, wéi scho gesot, iwwer aner Gesetzestexter ënnerstëtzt, Gesetzestexter, déi da separat Projeten hei an der Chamber sinn, wéi zum Beispill d'Coque, Concertssäll, de Pei-Musée, de Musée de la Forteressse an esou weider. Domat gëtt probéiert d'Verlängerung vun der Saison ze erreechen.

Wat dëse Fënnefjoresplang erlaabt, dat ass dee qualitative Spronk weiderzeféieren, dee mer an den nongzeger Joren an eiser Tourismusbranche ugaange sinn. D'Chambre de Commerce ënnersträicht, dass déi Enveloppe financière, déi dëse Fënnefjoresplang krut, mat 37,5 Milliounen Euro eng Augmentatioun vun 28% par rapport zum leschte Fënnefjoresplang ass, wat eng wesentlech Augmentatioun ass déi eisem Tourismus wäert an deenen nächste Jore gutt doen. Do soe mer och dem Budgetsminister merci fir d'Akzeptatioun vun där Enveloppe.

Déi eenzeg Kritik, déi d'Chambre de Commerce mécht, betrëfft am Kader vum Artikel 6 deen Tiret, deen nei agefouert ginn ass, dee seet dass d'Fonctionnementsfräen och kéinten iwwerholl gi bei verschiddene Projeten, mä dass do en Ënnerscheed tëschent Frais privés a Frais publics gemaach gëtt.

De Conseil d'Etat, dee suivéiert a grousse Linnen dat wat d'Chambre de Commerce seet, seet awer, wat déi verschidden Tauxen ugeet, déi ech elo just ugeschwat hunn, et misst een oppasse fir net ze vill Ënnerscheeder ze kreéieren, mä dass, deemno wat fir eng Zilsetzungen et sinn, et awer duerchaus machbar wär, ënner anerem wann dat en fonction vun der Natur wär vun deem wat ee mécht.

D'Aarbechten, déi mir an der Kommissioun gemaach hunn, déi hunn a sech dëst Instrument ganz kloer begréisst. Se hunn och begréisst, an dat wëll ech ënnersträichen, dass bei dësem Gesetzestext direkt déi sechs Règlements grand-ducaux hannendrun hongen, déi d'Applicatioun vun deem Fënnefjoresplang ganz genau beschreiwen, esou dass jiddferee sech konnt een exakt Bild maachen, wéi déi nun awer trotzdeem héich Finanze wäerte verdeelt ginn a wie kann ënnert wat fir enge Konditiounen dovu profitéieren.

Dat wat d'Kommissioun nach ugeschwat huet betrëfft deen eenzeg kritesche Punkt deen d'Chambre de Commerce ervirbruecht huet. D'Kommissioun huet gemengt, dass se net géing déi Kritik ënnert hiren Numm schreiwen, well d'Méiglechkeet gi wär fir verschidde Saachen an öffentlecher Hand prezis ze ënnerstëtzen, déi normalerweis enger ganzer Regioun profitéieren an esou eng Lokomotiv fir de ganzen Tourismus kéinte ginn, oder dass kéinte Projete realiséiert ginn, déi d'Privatinitiativ wahrscheinlech selwer ni géing ugoen, an een esou nei Méiglechkeeten an déi verschidde Regioune kënnt erabrénge, an dat dofir eng grouss Wichtegkeet hätt.

Nach kuerz wëll ech soen, well d'Zäit fortleeft, dass d'Kommissioun déi zwou Propositiounen, déi de Conseil d'Etat gemaach huet fir den Text formell ëmzeänneren, och unhélt. Eng wichteg Propositioun war déi, fir dass d'Gestioun vun deem Fënnefjoresplang an Zukunft wesentlech vereinfacht gëtt, direkt an dem Gesetzestext eng Referenz op d'staatlech Kontabilitéitsgesetz ze maachen, fir esou kloer ze assuréieren no wat fir enge Regelen et fonctionnéiert a fir a sech eng Equivalenz mat anere Fongen ze schafen, wou eng ähnlech Formulatioun ass.

D'Kommissioun huet selbstverständlech déi Propositioun vum Conseil d'Etat iwwerholl a proposéiert der Chamber dësen Text unzehuelen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marco Schank agedroen. Den Här Schank huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Marco Schank *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Ufank vu sengem schréftleche Rapport, fir deen ech dem Kolleeg Claude Wiseler wëll félicitéieren, weist de Rapporteur, a mat Recht, op d'Wichtegkeet vum Tourismus am ekonomesche Secteur hin. Zwee, dräi Beispiller: D'Europäesch Unioun ass nach wie vor déi éischt Destinatioun am Welttourismus. An der EU ass Lëtzebuerg nach wie vor dat Land mat deene meeschten Touristen. No deene leschte Statistiken ass Lëtzebuerg Nummer 1 mat 2,07 Arrivéeë pro Awunner, duerno kënnt Frankräich mat 1,3 an a puncto Zuel vun Touriste pro Quadratkilometer si mir och déi éischt an der EU mat 323 Touristen um Quadratkilometer virun Holland mat 223 Touristen.

Den Tourismus zu Lëtzebuerg huet iwwregens en Undeel vu 6,5% vum PIB. An der Europäescher Unioun läit e bei 6%, also liicht drënner. Och 6% vun de Beschäftegte schaffen am Tourismus um Niveau vun der EU. Dës positiv national Zuel huet natierlech ganz vill mat der Stad Lëtzebuerg ze dinn, déi mat hirem Patrimoine, dat ass gewosst, e genialen Atout fir eisen Tourismus huet. Et muss een och dobäi soen, dass den LCTO een excellente professionelle Match mécht fir erfollegräich am Tourismusberäich ze sinn.

Mä op deene positiven Zuelen, wéi ech se elo hei viruginn hunn, däerfe mer eis selbstverständlech net ausrouen, wëlle mer och net, ganz am Géigendeel. Wann ech kann drun erënneren, dass 2002 e gutt Joer am Tourismusberäich war, dann ass dat awer och drop zréckzeféieren, dass mer eng Partie Events haten, déi mir net all Joer hunn, wéi zum Beispill den Tour de France, d'Expogast oder och déi 200 Joer Victor Hugo.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

De Rapporteur huet et gesot, zënter 1973 gëtt et dës Fënnefjorespläng mat dem But fir d'touristesch Infrastrukturen zu Lëtzebuerg ze verbesseren. De fënneften an de sechste Fënnefjoresplang hu sech schonn deelweis um strategeschen Tourismuskonzept vum ETI, dem Europäeschen Tourismusinstitut vun Tréier, orientéiert. De siwente Fënnefjoresplang, vun deem mir haut schwätzen, reit sech an d'Linn vu senge Virgänger an, schreift de Rapporteur, gläichzäiteg probéiert en awer och ze innovéieren.

Den ETI huet viru kuerzem d'Ëmsetzung vum strategeschen Tourismuskonzept iwwerpréift, an net méi spéit wéi leschte Freideg ass den Endbericht virgeluecht an de Vertriederinnen an de Vertrieder vum Tourismusberäich presentéiert ginn. Net manner wéi 55 Moossname stinn an dësem Endbericht. Ech wëll der just dräi, véier erausgräifen. Et gëtt gesot, eppes wat mer natierlech scho méi laang wossten, dass de Secteur vum Tourismus muss weider professionnaliséiert ginn, nei Strukture musse kreéiert ginn, déi sougenannt regional Agenturen - do kommen ech nach drop zréck -, e kohärenten Image vum Lëtzebuerger Tourismus muss gefördert ginn an e Masterplang muss établéiert gi fir potenziell Clientë besser ze cibléieren, wéi och nach aneres.

Mat Bléck op de Fënnefjoresplang seet den ETI, dass bis ewell de Fënnefjoresplang een erfollegräicht Instrument war a weider ass, fir eng zilorientéiert Förderung vum Tourismus ze erreechen. Gläichzäiteg ass en awer och der Meenung, an de Rapporteur huet et scho gesot, dass dat infrastrukturellt Equipement an d'Qualitéit vun eise Betriber an der Zwëschenzäit international Standard erreecht hunn. Mat senger Enveloppe vu 37,5 Milliounen Euro, also 28% méi wéi dee Fënnefjoresplang virdrun, ass dëse Plang, dat wësse mer, eng onersetzbar Ënnerstëtzung vun de Gemengen, de Gemengesyndikater, de Syndicats d'initiative, den Ententë beim Ausbau vun touristeschen Infrastrukture mat regionalem Charakter, wéi zum Beispill thematesch oder Erlebniswanderweeër, Vëlospisten, Aires de récréation, Erlebnisbäder an esou weider.

Dobäi kënnt d'Moderniséierung an den Ausbau vu Betriber am Hébergement, am Wellnessberäich, Wellnessberäich dee beispillsweis nach laang net ganz ausgereizt

ass. Et gëtt och nach aner Créneauen. An ech wëll och do op ee vu mengen Daddaen zréckkommen, fir ze soen dass mir nach wie vor keng ausgesprache Familljenhotelen hunn, also no deenen internationale Kritäre wéi se am Ausland en vigueur sinn, an och keng sougenannte Kulturhotelen.

A puncto Aus- a Weiderbildung vun den touristeschen Acteure besteet am Marketing nach wie vor e groussen Handlungsbedarf. Dat wësse mer. Bis elo konnte Moossnamen a verschiddene Beräicher och net ënnerstëtzt ginn. Dat gëtt elo deelweis anescht. Niewent Infrastrukturmoossnamen ass et mat dësem Instrument och méiglech an Zukunft Projeten, de Rapporteur huet et gesot, an och Gestiounskäschten ze subventionéieren. Et gëtt also an deenen nächste Jore méiglech, dass d'Fonctionnements- an d'Personalkäschten à charge geholl ginn, wann déi entspriechend touristesch Infrastruktur eng regional, respektiv eng national Bedeitung huet. Och kënnen hei Syndicats d'initiative, Ententen an och A.s.b.l.en ënnerstëtzt ginn.

Da kënnt derbäi, datt mat dësem Fënnefjoresplang d'Ausschaffe vu Konzepter an Etüden am Zesummenhang mat der touristescher Entwécklung méiglech gëtt. Et kann ee sech parfaitement virstellen, datt d'Aféierung vun enger Iwwernuechtungstaxe beispillsweis oder enger méi allgemenger Touristiksteier oder d'Weiderentwécklung vun enger Luxembourg-Card Objet vun esou enger Etüd kéinte sinn.

Vun elo u kënnen also d'touristesch Acteuren net nëmmen Hardware subventionéiert kréien, mä och touristesch Software. Ech mengen, datt dat e wichtege Schratt an déi richteg Richtung ass.

Am Artikel 4 vum Projet de loi gëtt iwwregens och d'Viraussetzung geschaaft, datt speziell Aidë kënne fléissen, do wou d'Kreatioun vu regionalen touristeschen Infrastrukturen als noutwenneg ugesi ginn, ënnert enger Rei vu Konditiounen.

Komme mer awer nach eng Kéier op d'Konklusioune vun dem Endbericht vum ETI zréck. E wichtege Punkt ass - a mir hu schonn d'lescht Joer am Kader vun der Interpellatioun vum honorable Kolleeg Garcia driwwer geschwat gehat -, si recommandéieren Zesummeschlëss vu Syndikater, also vun Ententen, ënner Abezéiung vu Gemengen zu eegestännege Regionalagenturen, wéi den ETI se nennt. An deem Kontext seet den ETI, datt en déi bestehend touristesch Regiounen esou wëllt beloosse wéi se am Moment sinn. Perséinlech sinn ech awer der Meenung, datt een net soll fäerte fir eng sechst touristesch Regioun zouzeloossen.

Mat deene proposéierte Regionalagencë loosse sech - an dat ass wichteg - ganz kloer Kräfte bündelen an et kritt ee gläichzäiteg Strukturen, déi eng verstäerkt professionell Aarbecht an Zukunft um Terrain méiglech maachen. D'Animateurs touristiques ware jo bis elo un d'Ententen ugehong. Dat war een Ufank. Wat mer an Zukunft brauchen, dat sinn ausgebilt Tourismusmanager, -managerinnen, déi Projeten erschaffen an och hëllefen ëmsetzen.

Am Kader vum Débat iwwert den Norde virun zwee Deeg ass och ganz vill vun Naturparke geschwat ginn. D'Beispill vun den Naturparken, vum Naturpark Öewersauer ënner anerem, weist, dass, wann ee Sue kritt fir haaptamtlech Leit ze bezuelen, déi fachlech ausgebilt si fir touristesch Projeten ze begleeden, een dann eben och eng professionell an effikass touristesch Aarbecht maache kann.

Eng Stäerkt vum Lëtzebuerger Tourismus ass nach wie vor déi enorm grouss Bereetschaft fir Éirenamtlechkeet ze leeschten, mä éischtens huet d'Éirenamtlechkeet hir Grenzen, an do mussen dann haaptamtlech Leit déi éirenamtlech ergänzen. Zweetens musse se se ergänzen an deem Sënn, datt eng gutt fachlech, touristikorientéiert Ausbildung eben derbäi kënnt fir Projeten ëmzesetzen.

Fir mech läit grad hei e ganz wichtegen Challenge am Lëtzebuerger Tourismus: Éirenamtlechkeet an Haaptamtlechkeet verbonne mat der néideger Fachkompetenz fir en optimale Rendement. Esou muss een déi zwou, dräi Saachen do matenee verknäppe fir d'Zukunft.

Une voix.- Très bien.

M. Marco Schank *(CSV).*- Méi Professionalitéit! Eigentlech kann ee soen: «Dat wosste mer och scho virum Endbericht», mä dat méi u Professionnellem an dat méi u Fachleit fir den Tourismussecteur heescht awer och méi u finanzielle Mëttelen. Do kënnt dann den ETI op méiglech Refinanzéierungsmodeller zréck, déi mer och schonn diskutéiert hunn, zum Beispill déi berühmte Kurtaxe oder Iwwernuechtungstaxe, déi mer jo, wa mer an d'Ausland an d'Vakanz fueren, deelweis bezuelen, dacks ouni et ze wëssen.

Am Ufank vun den Diskussioune sinn d'Meenunge vum Secteur wäit ausernee gaangen. Haut, mengen ech, gesinn déi meescht och déi méiglech Avantagë vun eventuell enger Taxe. Et ginn natierlech och aner Méiglechkeete vun der Refinanzéierung. D'Konditioun muss ëmmer sinn, datt d'Suen zréck an d'Tourismusförderung fléissen an eben hëllefen déi Strukturen an dat méi u Professionalitéit ze bezuelen.

Den ETI huet a senger Presentatioun d'lescht Woch dräi Alternative vun enger Finanzéierung opgelëscht. Déi éischt, seet hien, ass d'Vollfinanzéierung op allen Niveauen iwwert déi öffentlech Budgeten. Zweetens eng Voll- oder Deelfinanzéierung iwwert déi berühmt Iwwernuechtungspauschal. Drëttens eventuell eng Touristiksteier op gesetzlecher Basis, wou déi Leit vum ETI behaapt hunn an Tirol géif dat fonctionnéieren an dat hätt den Tourismus an där Regioun eréischt richteg un d'Lafe bruecht.

Op jidde Fall si mir forcéiert déi Diskussioun vun der Finanzéierung ze féieren a bis un d'Enn ze féieren, well wa keng homogène Léisung do hannen erauskënnt, da wär dat fir déi weider Entwécklung fatal. Mir brauchen a puncto Professionaliséierung am Lëtzebuerger Tourismus séier eng Léisung. Mir mussen Neel mat Käpp maachen. Dofir brauche mer déi ernimmte Regionalagencë séier. Den ETI seet jo och dat hätt éischt Prioritéit.

D'Fro stellt sech ob et méiglech ass d'Schafe vun deene Regionalagencen iwwert de Fënnefjoresplang ze finanzéieren. Ech hat de Minister dat gefrot am Kader vun der Presentatioun. Hien huet mer confirméiert, datt dat effektiv méiglech wäert sinn.

Den ETI huet recommandéiert séier mat der Diskussioun vun de Standuerter unzefänken a puncto Regionalagencen, fir datt d'Moossnamen am Fënnefjoresplang berücksichtegt sinn, fir dann am Laf vun 2003 mat der operationeller Ëmsetzung unzefänken. Am Kader vu sengem Endbericht huet den ETI och plädéiert, fir eng kloer Aufgabentrennung zwëschent Ministère an ONT ze maachen. Hie seet an Zukunft soll de Ministère sech vrangeg ëm d'Tourismuspolitik an ëm d'Tourismusförderung beméien, an den ONT éischter am operative Beräich aktiv ginn an do d'Kräfte bündelen. Op jidde Fall misst een an deem Fall dem ONT seng Statuten änneren, well am Moment läit den Optrag hei haaptsächlech bei der Promotioun, och bei der Formatioun, mä awer haaptsächlech beim Promouvéiere vum Lëtzebuerger Tourismus.

Perséinlech sinn ech iwwregens der Meenung, datt eng Struktur feelt zwëschent Ministère an ONT. Wann een esou wëllt eng Struktur, déi de Minister berode kann a senger Politik, déi Avisen zu Projete kann ofginn, déi awer och aus eegener Initiativ eraus ka Propositiounen a Recommandatioune maachen, déi als sënnvoll kënne gëllen, zum Beispill wat d'Ausschaffe vum Fënnefjoresplang ubelaangt. Et kann ee sech parfaitement e Conseil supérieur de tourisme virstellen, deen esou eng Aufgab erfëllt an deen och an engems eng Aart Catalyseur kënnt spillen. Dofir sinn ech och amgaang un enger Proposition de loi ze feilen. Ech wäert och op déi Iddi vum honorable Kolleeg Garcia nach ze schwätze kommen.

***(Interruption)***

Ma neen, ebe just grad net, Här Gira. Ech mengen et ass wichteg, dass een d'Diskussioun ofwaart déi mer amgaange sinn ze féieren am Kontext vun der Refinanzéierung.

***(Interruption)***

Ech mengen, datt dat méi sënnvoll ass ier een ze séier aus der Hëft schéisst, wat och net gutt ass.

***(Interruption et hilarité)***

Dat kënnt nach alles op d'Tapéit.

***(Interruption)***

Ech wollt nach am Kontext zum Sujet vum Conseil supérieur soen, datt e Lenkungsausschuss deemools vum ETI proposéiert gi war, deen awer nëmme bis 1996 Bestand hat, wou een awer gesäit datt esou e Gremium seng Wichtegkeet huet.

Ech denken an deem Kontext dann och un d'Proposition de loi vum Robert Garcia,...

Une voix.- Ah!

M. Marco Schank *(CSV).*- ...déi inhaltlech a mengen Aen absolut op der richteger Schinn ass. Hie proposéiert ënner anerem en Institut national du tourisme, Bureaux régionaux an eben och e Conseil supérieur. Ech mengen et soll een eng Kéier am Detail op dës Propositiounen zréckkommen. Just elo zwee Sätz.

Nei Strukturen, déi also e Méi u Professionalitéit méiglech maachen, sinn noutwenneg. Dat hunn ech scho gesot an do ginn ech och där Propositioun vum Robert Garcia Recht. Wann een awer Regionalagencen a Büroe schaaft, da muss een a mengen Aen d'Viraussetzung schafe fir d'Gemengen an d'Gemengesyndikater sënnvoll anzebannen, an déi éirenamtlech Aarbecht um Terrain souwisou. Op jidde Fall muss een oppassen, wann een nei Strukture schaaft, fir d'Aufgabe vun der regionaler Tourismusplanung an -entwécklung ze bewältegen, datt ee se dann net ze vill, fir net ze soen iwwerhaapt, vun den Acteuren um Terrain lass léist. Mä dat soll een eng Kéier a Rou diskutéieren.

Ech wollt dann an dësem Kontext nach eng Kéier d'Iddi fir d'Schafe vun engem Observatoire du tourisme de la grande région lancéieren. Ech hat dat d'lescht Joer am Kader vun där Interpellatioun gemaach, well esou eng Struktur et méiglech mécht sech méi staark un der Groussregioun ze orientéieren an Informatiounen zwëschent de Regiounen auszetauschen, wat ech als e ganz wichtegt Instrument géif ugesinn.

E weidere wesentleche Punkt ass deen, dass Lëtzebuerg als Touristendestinatioun e kloren an onverwiesselbare Profil muss gewannen. Dat seet d'ETI-Etüd och. Op Basis vun entspriechende Mäertstudie muss sech eng Image de marque fir de Grand-Duché erauskristalliséieren, fir eben den Tourismus zilorientéiert ze vermaarten. Firwat net och esou eng Etüd iwwert de Fënnefjoresplang hëllefe finanzéieren?

Da wëll ech nach soen, datt den ONT, wann de Komitee zoustëmmt, wëlles huet zesumme mam Secteur eng Qualitéitsoffensiv ze starten am Kontext vum Service vis-à-vis vum Client, zum Beispill mat Coursen a Séminairë fir Qualitéitscoaching, Mataarbechtermotivatioun - wat haut ganz wichteg ass -, sou genannt Mystery-checks, Fachexkursiounen a villes méi.

Zum Schluss wollt ech eng leschte Kéier d'Prioritéite resüméiere fir eng weider Verbesserung vun eiser Wettbewerbsfäegkeet am Tourismus zu Lëtzebuerg. Sechs Punkten:

eng konsequent Professionaliséierung an alle Beräicher, dat ass gesot ginn;

eng konsequent Regionaliséierung, mat Schafe vun deenen Agencen, doduerch datt een och d'Gemengesyndikater bedeelegt;

eng konsequent Berodung vun de Betriber aus dem Secteur zesumme mat de Beruffschamberen;

eng konsequent Offer am Kontext Animatioun, Betreiung vum Tourist, zilgruppespezifesch, altersspezifesch;

d'Fördere vun zäitgemëissen a clientorientéierten Tourismusbüroen, do gëtt et eng Etüd vum Ministère, ech huelen un datt de Minister och herno e Wuert dozou seet;

e konsequenten Destinatiounsmanagement, wou d'Destinatioun zum eigentlechen touristischen Produit gëtt, deen et mat eise Lëtzebuerger spezifesche Stäerkten ze vermaarte gëllt.

Fir dëst alles ze erreechen, Här President, géif ech recommandéieren, de siwente Fënnefjoresplang ze stëmmen als een onerlässlecht Instrument fir d'Entwécklung vum Tourismus hei zu Lëtzebuerg, an ech géif och heimadder den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schank. Den nächsten Orateur ass den Här Scheuer. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

***(Brouhaha général)***

Maacht gemälleg, Här Scheuer.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Merci, Här President. Wéi gesot, si kréie mech net esou einfach duerchernee gemaach.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech féieren d'Diskussioun nees dohinner zréck wou se ugefaangen huet, nämlech op de Rapport deen den Här Wiseler virgeluecht huet, de Rapport iwwert de siwente Fënnefjoresplang am Tourismussecteur.

Ech soe fir d'éischt emol dem Här Wiseler merci fir dee Rapport. Ech maachen him och oprichteg Komplimenter. Et ass e Rapport, dee relativ kuerz ass, awer et steet alles dra wat ee brauch fir déi Diskussioun hei ze féieren. Dann huet den Här Wiseler eppes gemaach, wat och bei deene meeschte Rapporten, déi gemaach ginn, net esou evident ass, hien huet den Diskussioune Rechnung gedroen déi an der Kommissioun gefouert gi sinn an en ass esouguer esou wäit gaangen, dass en nach e puer Formuléierungen ëmgeännert huet; de President huet net ganz staark missen intervenéiere fir datt den Här Wiseler dat gemaach huet.

Et ass also e Rapport dee vun eis gestëmmt ginn ass, a bei enger Enthalung huet en also d'grouss Majoritéit fonnt. Ech wëll hei och net widderhuele wat mer schonn am Joer 2001 gesot hunn a wat mer am Joer 2002 gesot hunn, mä ech wëll zu deem e puer Iddien hei développéieren, déi och an der Kommissioun ugeschwat gi sinn.

Fir d'éischt d'Duerstellung vun der Situatioun hei zu Lëtzebuerg, sou wéi se am Rapport steet, fir ze weise wéi wichteg dee Secteur ass an datt mer hei iwwer e Secteur schwätzen deen e Wäert huet an der Ekonomie vu Lëtzebuerg an deen e Wäert huet am Gesellschaftsliewe vu Lëtzebuerg e Secteur, deen een net dierf ënnerschätzen a mat deem och net däerf gespillt ginn. Et kann een net esou niewebäi Tourismuspolitik maachen.

Mir hunn 2.400 Etablissementer am Horesca-Secteur, mir haten 2,6 Milliounen Iwwernuechtungen zu Lëtzebuerg, a mat där Zuel huet den Här Schank gespillt. Mäi Gott, Statistike sinn dat wäert wat deen, dee se rauszéit, wëllt domat maachen. Et kann ee bal alles domat maachen, den Här Schank huet et gemaach, an huet aus Lëtzebuerg dat touristeschst Paradäis vun der ganzer Welt gemaach. Ech probéiere fir dat e bësschen ze relativéieren. De Chiffre d'affaires vun deem Secteur huet am Joer 2000 620 Milliounen Euro bedroen.

Éischt Iddi an éischt Remarque: De Secteur touristique ass e Spigelbild vun der Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg, ergo ass et och e Spigelbild vun där Liewensqualitéit vun där all Leit zu Lëtzebuerg profitéiere kënnen. Dat Geld also, dat an dësem Fënnefjoresplang an dee Secteur investéiert gëtt, ass en Investissement vun deem vill Leit profitéieren a wou munch Géigenden am Lëtzebuerger Land méi schéin a méi attraktiv gemaach ginn, also och vill Gemengen.

Dat féiert dozou, datt d'Lëtzebuerger sech zu Lëtzebuerg méi déplacéiere wéi dat virdrun de Fall war, an den Inlandtourismus huet seng Effeten, an déi Effete sinn awer elo wierklech schwéier aus dem Bilan an aus deem globale Chiffre d'affaires erauszerechnen.

Ech hu mer haut de moien dat déckt Buch vum Statec komme gelooss a probéiert erauszefannen, wéi den Inlandtourismus sech an deene 620 Milliounen Euro wirtschaftlech auswierkt. Ech hunn et net fonnt, vläicht steet et op enger anerer Plaz, Här Minister, vläicht ginn et och Héichrechnungen. Ech sinn nämlech der Meenung datt, an enger Zäit wou sech den Tourismus verschiibt - mer constatéieren a verschiddene Regiounen datt en ofhëlt, datt d'Iwwernuechtungen ofhuelen -, een dann all Intérêt drun huet fir ze weisen, datt de Lëtzebuerger, deen zu Lëtzebuerg an eng touristesch Uertschaft erausfiert, dann och als Tourist muss gewäert an am Bilan ervirgestrach ginn. Ech froen ob een un déi Donnéeën erukënnt an ob ee mat deenen Donnéeën dann och vläicht nei Konzepter entwéckele kann an déi mat an eis Iwwerleeungen erabrénge kann.

An deem Rapport steet munches, am Exposé des motifs steet munches, et gëtt elo och eng ETI-Etüd déi komplett virläit an et gëtt och nach eng Proposition de loi vum Här Garcia. Dat ass awer en Non-paper, huet hie gesot, also et schwätzt een net iwwer en Non-paper, dat wär terribel ondiskret, an ech weess datt de Kolleeg Garcia dat net wëllt, dofir maachen ech dat och net.

Et ass gewosst, wat an all deene Pabeiere steet. Et kann…

***(Interruption)***

Wat gelift?

***(Interruption)***

Ech schounen den Här Garcia. Et ass gewosst, et kann an et dierf och net anescht sinn, et steet an alle Rapporten an allen Exposéen, datt Lëtzebuerg Qualitéitstourismus brauch an et steet och dran, datt eis Investissementer op hir Nohaltegkeet gepréift musse ginn. Néierens ass de Begréff Qualitéitstourismus definéiert, ech wär och frou wa mer deen eng Kéier géifen definéieren. De Begréff Kulturtourismus léisst sech definéieren, mä

Qualitéitstourismus ganz, ganz schlecht. Do fält zum Beispill de Begréff Jugendtourismus anscheinend net drënner - wann een dat esou liest -, obschonn dat e Créneau ass, deen an all eisen Iwwerleeunge relativ ausgespuert gëtt, och wann d'Nohaltegkeet am Tourismus…

***(Interruption)***

Jo, mä d'Konzept dohannert. Mir stieche Geld a Jugendherbergen, domat maache mer eppes fir de Jugendtourismus.

***(Interruption)***

Et ass awer nach ni hei diskutéiert ginn, Här Minister. An et besteet och e Konsens, datt déi Investissementer fir Infrastrukturen och fir d'Promotioun a fir d'Publicitéit ganz cibléiert mussen agesat ginn, an déi Akzenter ginn och a deem Rapport ernimmt, et si Kongresstourismus, Geschäftstourismus, Kulturtourismus, Tourismus am ländleche Raum an dann den Inlandtourismus, an doriwwer huet den Här Schank geschwat.

Här President, et wär elo einfach fir mat deenen Donnéeën, déi de Statec zur Verfügung stellt, d'Evolutioun vum Tourismus an de verschiddene Regiounen ze suivéieren. Ech huelen als Kritär d'Arrivéeën, an dann nuancéieren ech domadder e bësschen deen heldenhaften Optimismus, deen den Här Schank ausgestrahlt huet, a relativéieren en emol e bësschen.

***(Hilarité)***

Den Här Schank ka sech dann dozou ausdrécken. Ech huelen ëmmer zwou Zuelen, de Kritär Arrivéeë ass fir mech mat dee wichtegsten. Am Zentrum hate mer 1980 355.000 Arrivéeën, 2000 480.000. An den Ardenne waren et der 185.000, elo 181.000, op der Musel waren et 34.000 Arrivéeën, elo 50.000 Arrivéeën. Dat ass prozentual en Erfolleg, awer trotzdeem, relativ gesinn, par rapport zu deenen anere Regiounen ass et a mengen Aen en Echec.

Do ass nach munches ze maachen, do ass vill ze maachen. An da kënnt de Mëllerdall, déi äermste Regioun, wann een et proportional kuckt wat de Réckgank ugeet. De Mëllerdall hat 1980 128.000 Arrivéeën, huet der am Joer 2000 nach 109.000. Dat ass eng Chute, net libre, mä trotzdeem eng Chute, déi fir mech signifikant ass. Ech kënnt elo een Objekt eraushuelen, eng Institutioun quasi eraushuelen, de Veianer Lift, fir Iech ze weise wéi dat erofgaangen ass. 1980 115.000 an 2000 86.000.

***(Interruptions)***

Sot mir et. Ech lauschteren Iech no. Ech hunn eng Referenzperiod geholl vun 20 Joer an ech hunn net ëmmer déi niddregst oder déi héchst geholl. Ech hat déi och net an deem dote Blat. Geet et dann iwwer 1980 eraus?

Nun, et ass absolut noutwendeg fir de Réckgank an de Regiounen ze stoppen an de Réckgank ass an alle Regiounen do an de Réckgank ass am Oste vum Land signifikativ. Mir brauchen Investissementer, dat ass kloer, an d'Infrastrukturen. Mir brauchen och Investissementer an den Know-how a mir brauchen Investissementer an d'Promotioun vun deem Secteur. Déi Investissementer kommen der Regioun zegutt. Si kommen der Ekonomie zegutt a si sinn dréngend noutwendeg.

Ech wëll dann eng Feststellung maachen a si e bëssen ënnerleeën, si baséiert op engem Saz, deen d'Chambre de Commerce geschriwwen huet. D'Chambre de Commerce seet dat hei: „La capacité d'hébergements est en chute libre", huelt natierlech do den Zentrum eraus, mä dat gëllt anscheinend, esou generell seet d'Chambre de Commerce et, fir de Rescht vum Lëtzebuerger Land.

Fait ass, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt d'Hôtellerie zu Lëtzebuerg hiert Gesiicht verännert. Fait ass, datt Betriber verschwannen. Fait ass, datt bestëmmten Hotele sech moderniséieren, ausbauen. Da kënnt ee soen, et fënnt eng gesond „Schrumpfung" statt. Dat wär awer scho sarkastesch. Aner Hotele moderniséieren net séier genuch oder si kënnen net moderniséieren aus finanzielle Grënn, well den Hotel vläicht selwer ze enk ass oder awer well en einfach onrentabel ginn ass duerch déi niddreg Auslaaschtung, déi just an deene Regiounen ebe stattfënnt.

D'Haaptursaach schéngt mer awer déi ze sinn, an dat ass a mengen Aen dramatesch, datt de Privatpatron, de selbstännegen Hôtelier, de selbststännege Restaurateur keen Nofolger oder kaum en Nofolger méi a senger eegener Famill huet. Dofir ginn et Ursaachen. Et ass hei net d'Plaz fir dat auszebauen. Et muss ee sech dann och d'Fro stellen, ob déi Familljebetriber zu Lëtzebuerg weider bestoe kënnen oder wivill der an nächster Zäit verschwannen? An ech fäerten, datt mer domadder amgaange sinn e wichtegt, vläicht eent vun deene wichtegsten Elementer am traditionelle Lëtzebuerger Tourismussecteur ze verléieren an och en Element vun eiser gesellschaftlecher Kultur.

Dreiwe mer a Richtung Internationaliséierung vum Kapital, wat an deem Secteur investéiert gëtt? Sinn déi grouss Chaînë bereet fir uechter d'Land ze investéieren, am Norden, respektiv am Osten? Dat ass eng Fro, déi ass legitim. Ech hu bis elo e puermol Verhandlunge gefouert mat grousse Chaînen, an dann hu se eng Etüd gemaach, soe se, a festgestallt, datt se mat enger Auslaaschtung vu 50 a 60% net auskéimen. Dann hu se sech zréckgezunn, a gläichzäiteg zum selwechte Moment sinn an der Stad d'Hotelszëmmeren nëmmen esou erugewuess a grousse Boîten.

Dat heescht als Konsequenz, datt an Zukunft den Zentrum vun der Stad Lëtzebuerg nach ëmmer méi d'Tourismusszen dominéiert, an ech hunn dat jo gewisen un Hand vun deene puer Zuelen iwwer d'Evolutioun vun den Arrivéeën. Dat heescht datt déi aner Regioune Gefor lafen zu Satellite vum Zentrum ze ginn, wou sech dann den Dagestourismus a Richtung Naturpark Öewersauer, a Richtung Naturpark Our, a Richtung Mëllerdall, a Richtung Musel entwéckelt. An d'Fro ass, ob mir mat esou enger Form vun Tourismus liewe kënnen? D'Fro awer ass och, wéi kënne mer dat ophalen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat wier dramatesch. Mir mussen d'Rentabilitéit vu ville Betriber ofsécheren, déi vum Tourismus liewen, an et sinn der vill. Ech zitéieren elo net emol déi traditionell Hôtellerie, Campinger, Gastronomie déi dohannert stécht. Och ganz vill Commerce stécht derhannert, och d'Handwierk, an a bestëmmte Regioune wiere vill handwierklech Betriber net fäeg fir ee ganzt Joer ze iwwerliewen, wann net déi touristesch Infrastruktur do wär. Och dat muss ee mat a Betracht zéien, wann een eng Spreedung, eng Dezentraliséierung prônéiert, déi fir de Moment a Gefor ass.

Aner Remarque. D'Stäerkung vun allen Institutiounen, déi am Tourismussecteur aktiv sinn, an dat féiert mech zréck zum Rapport. Am Rapport ass, wéi gesot, e louablen Effort gemaach fir d'Meenung vun der Minoritéit zréck ze ginn. An do steet dann och den Term vun Dirigismus dran. D'Majoritéit vun der Chamberskommissioun schwätzt sech géint dirigistescht Intervenéiere vum Ministère aus, wahrscheinlech. De MInister schéngt jo den Diktator ze sinn oder den Dirigent an deem Fall, an hie vertraut dann och op aner Leit déi dirigéieren, well dirigéiert muss jo ginn.

Et war awer de Wonsch vun alle Fraktiounen no méi Professionalismus am Tourismussecteur. Ech hat mer geduecht, an ech mengen nach ëmmer, datt déi Allerprofessionellst an deem dote Secteur awer am Tourismusministère misste sëtzen, well dat ass jo d'Daachorganisatioun, vun där all déi aner ofhängeg sinn, an ech wollt wierklech eng Valorisatioun vum Tourismusministère proposéieren, an dunn huet ee gesot, ech wär nach ëmmer op där stalinistescher Linn.

***(Interruptions)***

Wourëm geet et? Den Här Ady Jung huet dat nuancéiert. Ech sinn him och dofir éiweg dankbar, well en d'Differenz gemaach huet tëschent engem Sozialdemokrat an dem Stalinist.

***(Interruptions)***

Wourëm geet et elo am Eescht?

Et geet ëm de professionellen Encadrement vun de Volontairen. Et geet ëm de professionellen Encadrement vun de Syndicats touristiques an et geet ëm de professionellen Encadrement vun den Ententes touristiques, an et geet ëm d'Verbindungen, ëm de Joint, deen tëschent de Syndikater, tëschent den Ententen an den Institutioune besteet, ob dat elo den Office National du Tourisme ass oder ob et de Ministère ass. Dat war de Punkt iwwert dee mer diskutéiert hunn an iwwert deen ee munch Iddien dann eben entwéckele kann.

Kuckt mer emol wien déi Haaptacteuren am Lëtzebuerger Tourismus sinn a wien d'"Basis" vum Lëtzebuerger Tourismus duerstellt, mir hunn de Ministère, mir hunn den ONT, dann hu mer déi verschidden Ententen, déi an de Regioune schaffen, mir hunn dann déi lokal Syndikater, da kommen d'Gemengen an d'Gemengesyndikater an verschidden A.s.b.l.en, déi gegrënnt gi si mat punktuellen Objektiver, an da kënnt de Secteur vun der Horesca, dee wierklech de wichtegste Block duerstellt.

Wou fënnt een dann elo de wierkleche Professionalismus? Mä, et fënnt een e beim Stat, et fënnt een e beim ONT an et fënnt een en am Horesca-Secteur. An dann huet de Ministère nach en noble Geste gemaach, hien huet den Ententen, Animateurs touristiques oder Coordinateurs touristiques zougestan. Dat ass eng gutt Saach.

Ech si perséinlech der Meenung, datt een d'Gemengen zwar hei mat eranzéie kann, mä eng Gemeng huet net als Haaptmissiou, fir en Tourismussecteur ze géréieren. Och e Syndicat à vocations multiples, dee kann nëmme par la tangente am Tourismussecteur aktiv ginn. Ech sinn net der Meenung - da misst ee mech beléieren -, datt d'Gemengen an d'Syndikater vun de Gemengen Professionalismus mat erabréngen an déi do Secteuren.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Et gëtt awer Regiounen hei am Land, do sinn d'Gemengen an d'Syndikater an enger Struktur zesummen. Dat sinn déi, déi am meeschte Suen hunn, a well se am meeschte Suen hunn, kënnen déi och professionell schaffen a full-time Leit astellen. Et ass dat, wat den ETI gären hätt, datt ee soll d'Ententen déi haut bestinn, déi deelweis vun eis Leit zur Verfügung gestallt kréien, datt een do sollt d'Gemenge mat abauen, dann huet ee Strukturen déi méi staark sinn an da kann ee fir d'Regioun besser schaffen, an datt een net soll vum Ministère oder vum ONT aus Antennen an d'Regioune setzen, déi géifen dirigéiere wat an de Regiounen ze geschéien hätt.

Dat war ni de Wëlle vun de Leit aus dem Tourismussecteur. Déi wollten dat net. Dat ass deen Dirigismus wou mer verschiddener Meenung waren a wou Dir der Meenung waart, de Stat soll Leit dohinner setzen. Dat sollte Beamte sinn, déi vun der Stad aus dirigéiert ginn, wou mir awer der Meenung sinn, dass een an der Regioun soll kucke Strukturen ze schafen, an déi solle sech drëm bekëmmere fir d'Regioun touristesch ze vermaarten. Dat war den Ënnerscheed.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Do bleiwe mer dann och deelweis ënnerschiddlecher Meenung. Mir zwee hunn eng aner Approche zu deem Problem, dee mer vläicht gläich gutt kennen. Deen ee vläicht méi aus engem anere Bléckwénkel wéi deen aneren. Ech wëll elo net soen an net ënnerstallt kréien, datt hei ee Plädoyer gehale gëtt géint de Wäert vun de Volontairen. Déi hunn absolut hire Wäert a mussen deen och behalen. Mä kuckt emol wéi schwéier et fir de Moment ass, fir e Comité vun engem Syndicat d'initiative zesummen ze setzen. Kuckt emol wéi schwéier et ass, fir de Comité vun enger Entente zesummen ze kréien. Dat ass eng Charge honorifique. Et ass honorifique wann een do aktiv ass, mä d'Aarbecht kann net méi bewältegt gi vun deene Volontairen a si ass och net méi ze bewältegen. Se musse gestäipt ginn. Déi Zäit vun de fréiere Verschéinerungsveräiner, déi ass eriwwer. Haut geet et ëm knallhaart wirtschaftlech Intérêten.

Ech plädéieren dofir wierklech nach eng Kéier, ech muss dat elei soen, fir méi Presenz vum Tourismusministère an de Regiounen. Ech kënnt mer virstellen, datt de Ministère dezentraliséiert an der Regioun Norden, an der Regioun Osten, vläicht opgedeelt nom Konzept vum Aménagement du territoire, e Büro hätt, wou eng Ulafstell wär fir d'Aktivitéite vun deene Bénévolen ze koordinéieren, vun de Syndicaten, vun den Ententen, fir Dossiere virzebereeden, fir dat, wat vum Här Schank genannt ginn ass e Guichet unique, op d'Been ze setzen. Wann et e Guichet unique gëtt an de Regiounen, da gehéiert de Ministère dran an da gehéiert natierlech och den ONT dran, woubäi den ONT, vu senger Definitioun hier, een aneren Objet huet wéi de Ministère.

D'Prioritéit fir de Ministère, am léifsten an Zesummenaarbecht mat dem ONT, an dat schéngt mer och d'Virbedingung ze si fir datt Regionalagencë kënnen entstoen a fir datt déi Regionalagencen och effikass schaffe kënnen, dat wär dann och d'Verbindung tëschent der Basis an de Ministèren, ouni datt een aner Gremie schafe misst.

Ech wollt nach eppes soe ganz zum Ofschloss iwwert d'Koordinatioun vun den Efforten, déi mer leeschte mussen. Déi Diskussioun déi mer féieren an déi och ëmmer gefouert gëtt wa Foirë sinn, déi erënnert mech fatal un d'Diskussioun déi am leschte Joer op der Musel gelaf ass, wou eenzel Organisatiounen hu missen ënner een Hutt bruecht ginn. Do hu mer op eemol als Erfollegsmeldung ze héiere kritt, mir hätten e gemeinsame Stand vun de Wäiproduzenten op der Foire erreecht. Dat war eng Erfollegsmeldung - et war och een Erfolleg -, mä dat ass esou ee klenge Schrëtt, dat ass esou eng Selbstverständlechkeet, iwwer déi een am Fong net bräicht ze schwätzen.

Ech stellen d'Fro, Här Minister: Wéi gesäit et am Tourismussecteur aus? Dir hutt jo Initiative geholl, wou Der menger Meenung no och net „dirigistesch" genuch waart op der Musel, awer Dir hutt do Initiative geholl. Wéi gesäit d'Organisatioun vun de Foiren an d'Koordinatioun vun all deene Leit oder all deenen Interessenten aus, déi op d'Foirë ginn? Wéi ginn d'Stänn verdeelt a wat gëtt op den eenzelne Stänn ausgedeelt? Gëtt et eng Koordinatioun do, wie mécht se a wéi erfollegräich ass se?

Voilà, ech hoffen dass mer d'Diskussioun iwwert d'ETI-Etüd kréien. Do kréie mer och eng Diskussioun iwwert d'Kurtaxen, wou mer fundamental verschiddener Meenung sinn. Den ETI war scho ganz virsichteg, wéi e sech iwwert dee wichtege Problem geäussert huet. En hat sech och informéiert, sou datt et net méi eleng un de Gemenge läit an ee schonn eng aner Initiative muss huelen. Vläicht kann de Minister eis seng Vuen iwwert déi berühmte Kurtaxe hei soen?

***(Interruption)***

Ech hunn eng Meenung, mä meng Zäit ass ofgelaf, Här Minister.

***(Hilarité)***

Meng Zäit ass ofgelaf, oder net, Här President?

M. le Président.- Deem ass esou, Här Scheuer. Den Här Minister kann herno dorop agoen.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Gesitt Der! Ech hätt et jo gär gemaach, Här Minister, mä de President ass streng.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Den nächsten Orateur ass den Här Jeannot Belling.

M. Jeannot Belling *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gläich virop wëll ech dem Rapporteur vum siwente Programme quinquennal, dem Här Wiseler, merci soe fir säi gudde mëndlechen a schréftleche Rapport.

Enn leschten November huet den ONT zesumme mam Tourismusministère eng éischt Bilanz iwwert d'Saison 2002 gezunn. Allem Uschäin no presentéiert sech d'touristesch Saison vum leschte Joer ënner engem éischte positive Liicht. E ganze Koup vu menge Virgänger hunn dat jo schonn hei gesot. Nëmmen, Här President, ech froen Iech: Wat ass nach haut de Mëtteg iwwert den Tourismus net gesot ginn?

An deem Sënn sinn zum Beispill ronn 80% vu den Hôtelieren duerchaus zefridde mam Resultat vum vergaangene Joer, awer am Beräich vu de Campingen an de Vakanzwunnengen ass d'Saison 2002 als aussergewéinlech gutt bewährt ginn. Gutt d'Halschent vu de Concernéierte konnte méi Touristen ëmfänke wéi dat nach de Fall war am Joer virdrun. An Zuelen ausgedréckt bedeit dës Entwécklung, dass zum Beispill bei de Vakanzwunnengen e Plus vun 8% erreecht konnt ginn. Bei de Campinger sinn et 9% a bei de Jugendherbergen ass et ëmmerhin e Plus vun 12%.

An der Hotelsbranche hu mer, laut de Statec-Zuele vum August 2002, och eng Steigerung vun 3,5% un zousätzlechen Arrivéeën. Här President, esou gesinn, an d'Zuele beweisen dat, zeechent sech d'-Saison 2002 duerch eng positiv Entwécklung vum Tourismus zu Lëtzebuerg aus. Allerdéngs bleift et net aus fir eng Rei Iwwerleeungen ze maachen, déi erkläre wéisou et zu dëser Entwécklung koum. Iwwerleeungen, Här President, déi leider mat ervirhiewen, dass dës Entwécklungen zu engem groussen Deel Ursaache bedéngt sinn a sech net duerch eng staark an attraktiv Tourismusbranche eleng auszeechnen.

Schonn a menger Interventioun iwwert d'Tourismusinterpellatioun 2001 hat ech drop higewisen, dass d'Lëtzebuerger Tourismusbranche eng Rei Schwächten opzeweisen huet, déi déi bekannte Schwankunge beaflossen. Deemools konnte mer feststellen, dass eng vun dëse Schwächten, déi och den ONT a senger Bilanz vum Joer 2000 festgestallt huet, ass, dass de Lëtzebuerger Tourismus gréisstendeels vum Wieder ofhängeg ass.

Am Joer 2000 huet de Camping-Tourismus opgrond vum schlechte Wieder missen eng Perte vu bal

9% astiechen. Am Joer 2002 hu mer e Plus vun 9%, an dat zu engem groussen Deel well dat gutt Wieder sech gehalen hat. Dobäi kënnt, dass dat lescht Joer eng ganz Rëtsch vu groussen Evénementer, wéi den Tour de France, d'Etappenarrivée vum Giro d'Italia oder awer d'200-Joerfeier vum Victor Hugo e wichtegen Afloss op den Tourismus haten. Esou oder ähnlech grouss Evénementer droen dann och zu engem Deel dozou bäi, dass zwar d'Zuel vun den Arrivéeën ëm 3,5% klëmmt, mä d'Dauer vun den Iwwernuechtunge mat -2,2% réckleefeg ass.

Här President, de Fënnefjoresplang ass e wichtegt Instrument fir den Tourismus hei zu Lëtzebuerg. Mir begréissen, dass de siwente Fënnefjoresplang mat 37,5 Milliounen Euro eng Progressioun, an dat ass och scho gesot ginn, vun 28% opzeechent. Och d'ETI-Etüd, där hiren Endbericht mer ewell virleien hunn, enthält eng ganz Rei u gudde Propositiounen an Iwwerleeunge fir d'Tourismusbranche hei zu Lëtzebuerg nees méi attraktiv ze gestalten. Mir als DP begréissen duerfir, dass dëse Fënnefjoresplang sech d'Recommandatioune vun der ETI zu engem groussen Deel zu Häerz geholl huet. Eppes steet fest, déi relativ grouss Ofhängegkeet vu spezifesche groussen Evénementer oder just vum Wieder weisen, dass dem Lëtzebuerger Tourismus ëmmer nach e kohärent Gesamtkonzept feelt. Och fir eis Wirtschaft ass den Ausbau vun der Tourismusbranche net ze verkennen, schliesslech schaffen an dësem Secteur ëmmerhin 12.000 Leit.

Et si sécherlech eng gutt Partie u wäertvollen Initiative geholl gi vum Ministère a vum ONT, an awer schéngt et mer wichteg fir zesumme mat alle Concernéierten, sief dat mam Ministère, dem ONT, de Syndicaten oder all deene sëlleche fräiwëllege Mataarbechter a klengen Associatiounen nei Weeër ze goen. Dat ass bestëmmt keng einfach Aufgab, virun allem net an Zäite wou ee fir wéineg Sue mam Fliger dohi fléie ka wou d'Wieder schéin ass, an dat a ganz kuerzer Zäit. Dofir muss Lëtzebuerg onbedéngt seng Attraktivitéit steigeren, fir nees fir potenziell Touristen interessant ze ginn.

Unhand vun den Diskussioune vum Fënnefjoresplang hu mer d'Méiglechkeet fir en Austausch iwwer nei an interessant Initiativen am Tourismus ze maachen. Lëtzebuerg huet eng ganz Rei un interessante Saachen ze bidden, sief dat um kulturelle Plang mat eise Muséeën an esou weider oder um landschaftleche Plang mat de Wanderweeër, etc.

Mä grad de Fënnefjoresplang bitt sech jo u fir gréisser Projeten an Aarbecht ze ginn. Ech denken hei virun allem u Projeten, déi onofhängeg vun de Wiederkonditioune fir de potenziellen Tourist interessant gestalt kënnte ginn. Déi Demokratesch Partei huet schonn e puermol d'Iddi vun engem groussen Öko-Musée ernimmt oder e flotten Héichuewen-Musée, wou ee Kultur, Fräizäit a Geschicht interessant matenee verbanne kënnt. Am Ruhrgebitt fanne mer jo exemplaresch Virbiller, déi eis weise wéi attraktiv esou Initiative kënne sinn.

Eent ass jiddefalls sécher, e puer grouss Projeten hätte mat Sécherheet e positiven Effekt op déi ganz Tourismusbranche fir déi Lücke kënnen ze fëllen, déi mer feststellen. Et muss een dann awer och feststellen, dass am Beräich vun der Hôtellerie nach esou munch Saachen ze verbessere sinn. Als Awunner vun eiser Muselgéigend ass et mer natierlech net entgaang, dass d'Touristen eis Géigend zwar appréciéieren a gäre bei eis an d'Vakanz kommen, mä owes fueren déi meescht erëm riwwer an Däitschland fir ze iwwernuechten, well et un Zëmmeren op eiser Säit feelt.

Fir emol nees neien Elan an d'Hotelbranche ze kréien, huet d'DP sech schonn oft dofir agesat, zum Beispill Themenhoteler, déi am Ausland grousse Succès hunn, ze schafen. Sport, Gesondheet oder Kanner- a Jugendhoteler wieren en ausbauwürdegt neit Segment an eiser Tourismusbranche. Dobäi kéinte mer sécherlech op d'Initiativ an d'Kreativitéit vu Privatinvestisseuren zréckgräifen, déi fir esou oder ähnlech Projeten ze begeeschtere wieren.

Mä virun allem fir de Jugendtourismus unzezéien ass et wichteg déi néideg Infrastrukturen an och dat néidegt didaktescht Material zur Verfügung ze stellen. D'Jugend wëllt sech un éischter Stell ameséieren, mä gläichzäiteg solle mer hir d'Méiglechkeet bidden eist Land mat senger Kultur, senger Geschicht a senger Natur méi no ze bréngen. Mir begréissen et dofir, net wéi mäi Virriedner et gesot huet, dass d'Amélioratioun vun de Jugendherbergen am Fënnefjoresplang virgesinn ass. Allerdéngs misst een dann awer och gläichzäiteg dofir suergen, dass genuch Fräizäitméiglechkeeten am direkten Ëmkrees vun deene Jugendherberge sinn.

***(Interruption)***

Zu Rëmerschen maache mir dat, Här Strotz. Ech si selbstverständlech dobäi fir Iech ze ënnerstëtzen.

Weider ass net ze vergiessen, dass Attraktivitéite wéi de Stausee, den Iechternacher Séi oder den Haff Réimech ëmmer erëm op en Neits opgewäert ginn, Här Strotz.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Très bien.

M. Jeannot Belling *(DP)*.- Merci. Bleift sëtzen, Här Scheuer.

***(Interruption)***

Zesumme mat de Gemenge sollen nei Initiativen a Méiglechkeete gefördert ginn.

A puncto Fräizäitaktivitéite weist den ONT jo och drop hi fir dës Offer iwwert d'Wanterméint méi staark auszedehnen. Unhand vun Indooraktivitéiten, wéi engem Aquadrom oder vläicht enger Inline-Skate-Pist, selbstverständlech awer och enger nei renovéierter Äispist, kënne mer vill dozou bäidroe fir Lëtzebuerg och an der Niewesaison attraktiv an interessant ze maachen.

Här President, zesumme mat de Gemengen, de Syndicaten, klengen Associatiounen an och mat Privatinvestisseuren ass et méiglech fir dem Tourismussecteur eng nei Dynamik ze vermëttelen, virausgesat d'Organisatioun an de Management vun den Attraktivitéite klappt. An dat ass jo ee Punkt, wou och d'ETI-Etüd hir Mängel zum Ausdrock bruecht huet.

A sengem Avis weist de Statsrot op dës Kritik hin: „L'offre infrastructurelle touristique du Luxembourg et le degré d'équipement touristique au Luxembourg ont atteint une qualité de niveau international. Un certain retard doit cependant encore être constaté au niveau de l'organisation de la formation touristique et du marketing touristique."

An deem Kontext schéngt et mer wichteg, fir gewësse Synergien ze schafen an deenen de Ministère, den ONT, d'Gemengen, d'Syndicaten, mä och déi Privat, d'Hotelen, d'Campingbesëtzer zesumme kéinten un engem attraktive Produkt schaffen, dat se besser vermaarte kéinten. Dës Zesummenaarbecht ass eng Iwwerleeung, déi d'DP schonn oft, ënner anerem an hire Positiounspabeieren iwwert den Tourismus, proposéiert huet.

Et muss een awer feststellen, dass virun allem an engem Beräich wéi dem Tourismus ganz vill Fräiwëlleger schaffen. Hir Aarbecht ass wäertvoll a bréngt eisem Tourismus vill positiv Effeten. Mir sinn iwwerzeegt, dass mer dës Leit sollen ënnerstëtzen, zum Beispill andeems mer hinne méi, an och dat ass gesot ginn, touristesch ausgebilt professionellt Personal zur Säit stellen.

Här President, e Gesetz wéi de Fënnefjoresplang bitt eng gutt Geleeënheet fir all dës Virschléi méi genau ze kucken an et dann och net nëmme beim kucken ze beloossen. Fir eis ass den Tourismussecteur eng wichteg Branche fir d'Zukunft vun eisem Land. Mir mengen et wier net vu Muttwëll fir op nei a vläicht méi innovativ Weeër ze goen, fir dass dëse fir eis Ekonomie wichtege Secteur sech nach an Zukunft weiderentwéckele kann.

Här President, ech profitéieren allerdéngs vun der Geleeënheet fir den Här Tourismusminister ze biede bei der nächster Etüd iwwert den Tourismus emol de Choix ze treffen, fir en Institut aus dem Saarland ze huelen, well déi aus Rheinland-Pfalz wëssen anscheinend net wou Réimech läit, well ech hunn an där ganzer Etüd dat Wuert Réimech net eng Kéier gelies.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Mondorf ass ze staark.

M. Jeannot Belling *(DP)*.- Mondorf ass ze staark. Dat mag sinn.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Mondorf huet sech imposéiert.

M. Jeannot Belling *(DP)*.- Mondorf imposéiert sech.

***(Interruption)***

Mir si schonn eng Groussregioun, Här Strotz.

Trotzdeem, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir vun der DP fannen, dass de Fënnefjoresplang excellent ass. Mir sti wéi eng Eent dohannert a mir wäerten e mat vollem Enthusiasmus stëmmen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Belling.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Elo sidd Dir awer gebéckt, wann Dir do stitt wéi eng Eent.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Mehlen.

***(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Et wäert Iech awer schwéier fale fir Iech ze bécken.

M. le Président.- Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Den Här Belling huet seng Noten hei leie gelooss. Här President, ech ginn Iech se erop.

***(Interruption)***

Ah, entschëllegt.

***(Interruptions diverses)***

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll fir unzefänken hei d'Bedeitung vum Secteur Tourisem fir d'Lëtzebuerger Land ervirsträichen. Mir wëssen alleguer, a mir hunn eis beim Budget Gedanken a Suergen driwwer gemaach, dass eis wichtegst Stäip, de Finanzsecteur, an enger Kris stécht, wou mer net richteg wësse wéi mer d'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer do stinn. Mir wëssen och, dass déi Kris hir Schiet scho virauswerft fir aner Secteuren, ënner anerem de Bausecteur.

An deem Zesummenhang ass jo ëmmer erëm ugeklongen, wéi wichteg dass eng Diversifikatioun vun eiser Ekonomie wier. Diversifikatioun muss net noutgedrongen heeschen, dass mer vill nei Betriber vu baussen eranhuele ginn. Diversifikatioun ka selbstverständlech och heeschen, dass mer dat, wat mer selwer hunn, probéieren auszebauen an ze stäerken.

Den Tourissem ass eent vun deene Betätegungsfelder, déi sech dofir ubidden. Et gëtt och ëmmer gesot mir hätte keng Matière première - dat ass gëschter hei gesot ginn - ausser der Matière grise.

Dat ass trotz allem vläicht e bëssen ze vill pessimistesch gekuckt.

Mir hunn och nach eng Matière première an dat ass d'Schéinheet vun eisem Land an dat ass alles dat wat mer den Touristen unzebidden hunn a wat mer, wa mer eis intelligent uleeën, och kënnen als Matière première, wann een esou däerf soen, notzen.

Et ass scho vu menge Virriedner hei ënnerstrach ginn, wat fir eng Bedeitung de Secteur fir d'Lëtzebuerger Ekonomie huet, an och am Secteur vun der Beschäftegung, mat 2.400 - dat muss ee sech virstellen - eegestännegen, wann och klengen, mä eegestännege Betriber, déi am ganzen 12.000 Persoune beschäftegen an déi, wa mer a Frange rechnen, ronn 25 Milliarde Lëtzebuerger Frang un Ëmsaz maachen.

Et ass duerfir wichteg, dass mer permanent probéieren dee Secteur mat öffentleche Mëttelen ze développéieren an nach méi attraktiv ze maachen. Et wär och an deem Zesummenhang einfach a bëlleg, wann een elo als Oppositioun géif soen: Dat, wat elo virgesinn ass, geet nach net duer, mir hätten nach gäre méi.

Ech mengen dat ass effektiv eng ganz considérabel Enveloppe déi hei virgesinn ass, allerdéngs däerf een als Oppositioun an als kritesche Geescht froen: Wéi gëtt dat Geld dobaussen um Secteur agesat?

Ech wollt kuerz soen, datt mer als Lëtzebuerg net ganz vill Choix hunn. Mir hunn de Leit net immens vill un natierleche Ressourcen unzebidden. Mir hu kee Strand wou d'Sonn ëmmer schéngt - ech mengen, dat ass och scho gesot ginn - , mir hunn och keng héich Bierger wou mer kënne Schi-Alpin maachen.

***(Hilarité)***

Och wann dat elo vläicht probéiert gëtt oder eng Initiativ an deem Sënn leeft. Mä mer hunn ee schéint Land. Mir hunn deene Leit, déi haut gréisstendeels an de Stied wunnen an um Land Erhuelung an der Natur sichen, ganz villes ze bidden, wa mer, wéi gesot, déi néideg Infrastrukturen hannendru stoen hunn.

Wa mer da vu Qualitéitstourismus schwätzen - dat ass jo hei permanent widderholl ginn -, da wëll ech do awer mol direkt ee Wermutstropfen an de Becher schëdden. Qualitéitstourismus heescht och dobausse Qualitéit an der Natur, an da muss ee sech - an dat geschitt jo och an der Bewäertung vum europäeschen Tourismusinstitut - batter iwwert d'Qualitéit vum Waasser vun enger Partie vun eise Flëss bekloen, an notamment an deene Géigenden déi touristesch am attraktiivste sinn.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Dat ass traureg fir esou e räicht Land. Mir wëssen datt mer en ambitiéise Programm vu Kläranlage hunn, fir d'Waasserqualitéit ze optiméieren. Mä et ass wierklech schlëmm wann an der Summerperiod op eng Kéier vun uewen erof dekretéiert gëtt datt, zum Beispill an der Sauer, net méi däerf geschwomme ginn oder d'Leit sech do net méi däerfen oder sollen an d'Waasser beginn, well et Gefor kéint mat sech bréngen.

Eng aner Objektioun betrëfft de Volet Vëlospisten, wou mer virun, ech weess net, e puer Joer en ambitiéise Programm gestëmmt hunn. Mir si relativ wäit am Réckstand - ech schwätzen do ganz e bëssen aus eegener Erfahrung - wat eis Vëlospisten ubelaangt, et wären, sou konnt ech liesen, 560 vun 900 Kilometer realiséiert. Aus menger bescheidener Erfahrung eraus, muss ech awer soen, datt et heiansdo abenteuerlech ass, deemno och zu wat fir enger Joereszäit, fir iwwert déi Pisten do ze fueren.

Wann ech mech gutt erënneren, war deemools festgehale ginn, datt déi respektiv Gemenge sech sollen ëm den Entretien a virun allem ëm d'Propperhale këmmeren. Dat geschitt ganz sécher net, an ech mengen dat wier ee Punkt deen onbedéngt misst iwwerduecht ginn. Et ass gutt dass de Stat sech drëm këmmert, datt déi Pistë gebaut ginn, datt se matenee vernetzt ginn, mä den Entretien soll och an eng Hand kommen a soll och assuréiert ginn, well ech fäerte ganz, soss fonctionnéiert et net. An deemno wou ee fiert, gëtt et zu bestëmmten Zäite relativ geféierlech fir mam Vëlo iwwer eenzel Strecken ze fueren, notamment wa se voll Buchaker an Eechelen an ech weess net wat leien, a wann iwwerhaapt net gekiert gëtt an och ganz seele ronderëm geméint gëtt.

Ech leien no zur däitscher Säit a muss soen dass et e Pleséier ass fir laanscht d'Musel op deene Pisten ze fueren, well déi ëmmer excellent an der Rei sinn, och wann emol eng Kéier eng kleng Iwwerschwemmung war, si se ëmmer direkt gebotzt a propper. Et kann een driwwer fueren an et brauch een och net ze fäerten dass een, well all méiglech Géigestänn drop leien, e Platte kritt oder dass een eventuell mol eng Kéier kënnt op d'Nues falen.

Dee Manktëm u Vernetzung gëtt och bedauert. An et gëtt och bedauert - an ech kann dat och nëmme bestätegen -, datt am Fong geholl ganz wéineg Hiwäiser op dat do sinn, wat een eigentlech vun deene Vëlospisten aus ka ronderëm kucke goen, an och d'Vernetzung, sou ze soen, mat den Uertschaften a mat deene Gaststätten an alles wat do ass, déi ass eigentlech net gutt. Ech stelle fest datt se am Ausland, wann een do mam Vëlo op deene Piste fiert, wesentlech besser ass. Här Minister, hei hu mer e ganze groussen Nachholbedarf.

E Wuert zu den Hotelen. Dat ass jo wierklech e ganz grousse Problem. Mir hunn an deene leschte Joren, an engem bestëmmten Zäitraum, praktesch 50 Hotelen hei verluer, déi hir Dieren zougemaach hunn. Ech hu mer soe gelooss, ongeféier 30 bis 40 stéingen der zum Verkaf. An da muss ee sech d'Fro stellen, den Här Scheuer huet se hei gestallt, mä hien huet keng Äntwert drop kritt, wat dann do eigentlech lass ass, a virun allem, an dat huet hien och ganz richteg erkannt, well mer zwar nach eng Partie Hotelen hunn déi sou fonctionnéieren, wou och d'Patronen, déi Leit déi meeschtens och Eegentümer sinn, d'Hotele géréieren, mä wou een net gesäit datt déi jonk Leit sech begeeschtere fir hannendrun d'Relève ze huelen.

Dat ass awer kee spezifesche Problem vun eiser Hôtelleriesbranche, mä et ass ee spezifesche Problem dee mer a ganz ville Secteuren hunn, ob dat d'Landwirtschaft ass oder ob et de Wäibau ass, ob et eng Partie vum handwierkleche Secteur ass oder vum klenge Commerce. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg - ech behaapten dat nach eng Kéier, ech hunn et well dacks genuch gesot, ech widderhuelen et dann nach eng Kéier, d'Widderhuelung kann näischt schueden - de Leit et einfach ze liicht gemaach fir kënnen an anere Secteuren an notamment am Secteur public ze schaffen. Deen ass esou attrayant gemaach ginn, dass eng ganz Partei Leit sech soen, mä wann ech et dach do kann esou vill méi liicht hu fir mäi Geld ze verdéngen a mäi Liewen ze maachen, woufir soll ech mech dann hei mat groussem Risiko an eppes lancéieren, wat och nach vill Investissementer

kascht a wou ech net weess wéi ech herno eraus kommen.

Dat schéngt mir déi alleréischt Erklärung ze sinn, woufir datt et an deene ville klenge Betriber, déi mer an alle Secteuren hunn, esou un deem Dynamismus feelt, deen ee sech eigentlech géif wënschen.

Et ass och richteg, datt den Taux d'occupation mat 32 bis 34% extrem niddereg ass. Et gëtt gesot, et misste wéinegstens 40% sinn, fir datt et iwwerhaapt iergendwou un eng Rentabilitéit géif erukommen. Da muss ee sech d'Fro stellen, wann net vill investéiert gëtt - an dat stelle mer jo fest -, ass dat enger Säits well den Taux d'occupation esou niddereg ass, an d'Leit soen, dat huet jo kee Wäert datt mer hei investéieren, oder ass et ëmgekéiert, well net zur Zäit investéiert ginn ass, dass doduerch eben den Taux d'occupation esou niddereg ass?

Ech gleewen datt dat zweet de Fall ass, wann Hoteler sech mat Zäite moderniséiert hätten, wa se investéiert hätten a wa ronderëm déi richteg Promotiounspolitik gemaach gi wier, datt et da vläicht net esou dramatesch bräicht ze si wéi et elo ausgesäit.

De Problem vun den Indoorinfrastrukturen ass och hei ugeschwat ginn. Mir sinn nach wie vor der Meenung, datt een esou Saache soll punktuell, net iwwerdriwwe mä punktuell, schafen. Mir sinn hei net vum Klima verwinnt an d'Leit brauchen einfach eppes wann d'Wieder esou ass, datt se soss net vill dobausse kënnen ufänken.

E Wuert och nach zum ländlechen Tourismus, deen eigentlech nieft der eigentlecher Landwirtschaft den Haaptpilier vun der ländlecher Entwécklung hei zu Lëtzebuerg ass. Do ass villes gemaach ginn, dat muss een unerkennen. Et fonctionnéiert och eenegermoossen, mä do sinn - wéi d'ETI-Etüd och zu Recht seet - weider Efforten a ganz vill Efforten néideg. De Problem, gëtt gesot, ass well dat meeschtens am Nebenerwerb gemaach gëtt.

Här Minister, mer haten emol eng Kéier den Dokter Erich Geiersberger hei zu Lëtzebuerg, deen huet gesot, dat wär net déi richteg Approche, d'Bauereleit hätten esou vill Aarbecht, datt wa se dat niewelaanscht misste maachen, da géif dat jo esou iergendwéi mat der lénker Hand gemaach ginn, deen néidegen Engagement wier awer net do. Et wär einfach méi richteg wann d'Betriber sech géifen décidéieren an deen een dee mécht da seng 60, 70 oder 80 Mëllechkéi an deen aneren dee verleet sech op den Tourismus.

Ech wëll mech hei net äusseren, et gëtt jo och Leit déi et fäerdeg bréngen déi zwou Saache mateneen ze verbannen, mä et schéngt mer awer ee vun de Problemer ze sinn, datt haut an eise Bauerebetriber esou vill Aarbecht ass, datt et da meeschtens un der néideger Zäit feelt fir dat anert méi professionell kënnen ze maachen.

Déi Chiffren, déi an dem Rapport ze fanne sinn, si ganz interessant. Et gesäit een a wat fir engem Mooss datt déi ganz Infrastrukturen an deene leschte Jore gefördert gi sinn. Dat ass, wann ee kuckt wéi dat ugaangen ass, 1973 bis 1977 mat 3,72 Milliounen Euro, an et sinn der haut 37,5, zimlech genau eng Verzéngfachung an et si wierklech considérabel Beträg, déi aus dem Steiersäckel vun der öffentlecher Hand an dee Secteur eragepompelt si ginn. Ech mengen dat war gutt a richteg.

D'Fro muss ee sech natierlech stellen, ob dee ganzen Opwand dat bruecht huet, wat een eigentlech an Erwaardungen dra gestallt hat.

Ech wëll mech dozou net festleeën. Et ass jiddefalls awer sécher datt mer, wann een et mat engem kriteschen A kuckt, nach wäit vum Optimum ewech sinn oder wéinegstens vun deem Niveau ewech sinn, wou mer gär géingen hikommen.

An deem Zesummenhank, wa mer scho vu Finanze schwätzen, ee Wuert zu där berühmter Kurtaxe. Här President, et géing eis Leed doe wann eng Partie Gemenge géingen drop hale fir déi Kurtaxe anzeféieren als Kompensatioun fir déi Ausfäll, déi viraussichtlech an de Gemengefinanzen an Aussicht stinn. Et sinn der jo schonn eng ganz Partie hei am Land déi d'Sonnette d'alarme gezunn hunn, well se net wësse wéi et an deenen nächste Jore viru geet. Dat wär net déi richteg Approche. Ech ënnerstëtzen absolut dat wat hei gesot ginn ass, datt wann esou eppes hei agefouert gëtt, datt et integral dem Secteur muss zur Verfügung gestallt ginn, fir d'Qualité d'offres weider ze verbesseren.

E Wuert zur ETI-Etüd, op déi ech mech elo schonn e puer Mol referéiert hunn. Dat ass jo iergendwéi hei zu Lëtzebuerg de Katchessem vun der Tourismuspolitik. Et stinn enorm vill Ureegungen dran, et stinn och en etlech Saachen dran déi engem schéngen net richteg ze sinn oder déi widderspréchlech sinn, an ech wollt do als Beispill dat huele wat se schreiwen iwwert d'Ehrenamt. Ech hunn d'Gefill, méi widderspréchlech geet et awer net.

Si schreiwen hei: „Wie bereits im Rahmen der Darstellung der Hemmnisfaktoren gezeigt, wird die Besetzung wichtiger Positionen in den luxemburgischen Tourismusorganisationen mit ehrenamtlichen Mitarbeitern zu deutlichen Problemen". Da soe se, si géingen awer ënnersträichen, „dass kein systematischer Abbau des ehrenamtlichen Engagements stattfinden soll, sondern dieses vielmehr auch weiterhin gefördert werden sollte". An herno bei de Konklusioune schreiwe se: „Priorität, hinsichtlich der mit Arbeitsüberlastung der ehrenamtlichen Mitarbeiter verbundenen mangelnden Professionalität in der Tourismusorganisation misst das ETI den Massnahmen zum Abbau der Ehrenamtlichkeit eine hohe Priorität bei". Do verstinn ech d'Welt awer net. Si soen, si solle sekundéiert ginn duerch Professioneller, dat kann een ënnersträichen. Et kann een awer net hei als eng vun de Prioritéite festleeën den „Abbau der Ehrenamtlichkeit" am Tourismussecteur. Wann ech héieren, datt praktesch, wann een alles zesummen hëlt, esou vill Leit, wéi mir elo d'éinescht héieren hunn déi am Secteur schaffen, als Bénévole zur Verfügung sti fir datt dat iwwerhaapt dréit, an ouni déi kann et iwwerhaapt net dréien, an da wëllt een déi ofschafen an duerch Professioneller ersetzen. Ech weess net ob déi Leit um Mound wunnen oder wat se sech virstellen. Mir wëssen dach alleguer, datt dat an der Praxis net duerchzezéien ass.

Et muss ee sech och froen: Wat ass déi Etüd wäert, wann emol net mat allen Acteure geschwat gëtt? Här Minister, Dir hutt bestëmmt jo och dee Bréif do kritt vun der ASIVEMA, déi sech batter driwwer beklot, datt se aus Ärem Ministère emol keng Äntwert kritt hätt op e Bréif, dee se lech geschriwwen huet. Esou eppes kënnt jo periodesch op d'Tapéit. Ech fannen dat, à moins datt en Oubli do ass, mä dat schéngt awer net de Fall ze sinn, e ganz ganz schlëmme Comportement vun engem Ministère vis-à-vis vu Leit, déi am Tourismus éirenamtlech täteg sinn.

Wann een dann héiert, datt si weder consultéiert nach considéréiert gi sinn an där Etüd ETI, a jo awer e wichtegt Gebitt vum Lëtzebuerger Tourismus ofdecken, dann, Här Minister, froen ech lech: Wat ass déi Etüd insgesamt wäert, wann emol net mat alle Leit geschwat gëtt an och net mat deenen déi hei awer wierklech eng wichteg Roll ze spillen hunn? An et muss een d'Fro stellen: Gëtt hei Tourismus mat de Leit gemaach oder iwwert d'Leit ewech?

An deem Zesummenhank wëll ech d'Fro uschneide vum Zesummeschaffen. Hei gëtt virgeschloen eng Struktur op dräi Niveauen. Ech wëll dat net verdéiwen. Dat fanne mer alles an der Dokumentatioun. De Rôle vum Ministère soll sinn, d'Tourismuspolitik definéieren, dat ass eis Opfaassung, de legislative Kader schafen a garantéieren, kucken datt déi finanziell Hëllefe bereet gestallt ginn, mä wat ganz wichteg ass, e soll d'Privatinitiativ engersäits förderen a begleeden, mä en däerf sech net an d'praktesch Exekutioun vun der Tourismuspolitik amëschen. Just dat schéngt awer de Fall ze sinn, Här Minister. Ech ginn lech als Beispill, an ech hunn déi lescht Deeg Télefone kritt an deem Zesummenhank, de Salon de vacances zu Antwerpen. Ech géing lech recommandéieren dohinner kucken ze goen. Wann et esou schlëmm ass wéi et mir erzielt ginn ass, datt de Ministère e schéine grousse Stand do huet, an datt d'Acteuren um Terrain, déi déi wierklech de Lëtzebuerger Tourismus, hir Betriber an alles dat wat ze unzebidden hu wëllen do verkafen, net do gelidde sinn, datt déi dann 20 Meter niewendrun hiren eegene klenge Stand aus eegene Mëttelen dohinner stellen an dann d'Angebot vun dem Lëtzebuerger Tourismus ënnert d'Leit bréngen, op där anerer Säit awer Leit, déi hir Broschüren do wollten ausleeën, gesot kréie si misste vum Stand erof.

***(Interruption)***

Déi Bemierkung do hätt Der lech zwar kënne spueren, Här Stendebach!

Et ass mer och gesot gi vu Leit déi do waren, vun deene Leit déi dohinner kommen, dass bal keen op dee Stand kucke geet well e steril ass, well d'Leit näischt gebuede kréien, a wéi gesot, op där anerer Säit keng Zesummenaarbecht do ass, Leit ofgewise gi sinn, déi wollten hir Saachen dohinner leeën, fir datt déi Interesséiert se kënne mathuelen. Dat ass, Här Minister, e Musterbeispill vun enger gudder Koordinatioun, wann ech et emol ironesch däerf ausdrécken.

An eiser Philosophie huet de Ministère keng Promotioun ze maachen, dat soll en deene Leit iwwerloossen déi dofir do sinn, notamment géing ech mengen dem ONT. Wat mécht de Ministère op esou enger Foire? E war jo ewell op ville Foiren. E wëllt jo sécherlech net Reklamm fir d'Lëtzebuerger Regierung maachen, huelen ech un, well déi mecht éischter Reklamm hei am eegene Land fir sech, am Hibléck op déi nächst Wahlen.

Ech war bis elo der Meenung, dofir wär de Service Information et Presse vun der Regierung zoustänneg. Mä loosst mer de Geck an den Eck stellen. Hei schéngt déi riets Hand net ëmmer ze wësse wat déi lénks mécht. Eng Kompetenzopdeelung, an dat seet den ETI jo och, tëschent Ministère an ONT wär absolut néideg. Mir widderhuelen nach eng Kéier: Loosst de Privatsecteur schaffen, encouragéiert de Privatsecteur, ënnerstëtzt en, mä haalt lech als Ministère aus dem Dagesgeschäft eraus.

An nach ee Wuert zu den Auslandsbüroen. Do hate mer jo scho Problemer, Här Minister, mat Personal wat seng Pai net kritt huet. Ech hunn dëser Deeg erëm zougedroe kritt vu Leit aus dem Secteur, datt déi Leit, déi op eisen Auslandsbüroe géinge schaffen, keng Paiziedele kriten. Si wéissten net wéi et mat hirer sozialer Ofsécherung wär. Wa se dowéinst an Ärem Ministère géinge reklaméieren, da krite se gesot si sollen de Stat usichen. Wann dat sollt esou sinn, an et ass mer gesot ginn, ech kënnt mech roueg un deen een oder anere Responsabelen an enger Botschaft wenden, dee géif mech weider doriwwer opklären, da fannen ech datt dat op kee Fall an der Rei ass.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Da maacht dat! An da sot Der wat richteg ass.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Mengen Informatiounen no ass dat ganz sécher esou.

Här President, ech schléisse kuerz of. Et gëtt vill Geld investéiert, mä eiser Aschätzung no feelt et op ville Plazen un der néideger Koordinatioun. De Ministère mëscht sech ze vill an. Et wär besser déi Kompetenzopdeelung géing gemaach ginn an de Ministère géing sech op seng zentral Aufgabe konzentréieren. Hie bremst an hien hemmt esouguer plazeweis Privatinitiativen. Dat kann et jo net sinn, an dofir wëll ech ofschléissend soen, datt mir de finanzielle Kader hei zwar selbstverständlech matstëmmen, mä datt mer awer hoffen, datt d'Regierung sech an deene Punkten, déi ech hei ugeschnidden hunn, an Zukunft wäert besseren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll bei menger Ried zu dësem Projet de loi a mat deem eenzeg richteg Negativen, wat ech iwwert dee Projet de loi hei ze soen hunn, ufänken. Dee Projet de loi weist engem wéi al een hei an der Chamber gëtt, well et ass esouguer fir mech scho fir d'drëtte Kéier datt ech Stellung huelen zu deem Fënnefjoresplang, an et si bestëmmt nach aner Kolleegen heibannen déi scho méi wéi déi drëtte Kéier hei Stellung huelen zu deem Projet de loi.

Une voix.- Et ass all Kéiers anescht!

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Et ass esouguer dës Kéier, muss ech soen, de Minister huet dat schonn in vorauseilendem Gehorsam gesot, nach besser wéi déi leschte Kéier. Déi lescht zwou Kéieren hate mer dëse Projet de loi alleguerten, wann ech mech gutt erënneren, gestëmmt, an dat wäert dës Kéier jo dann och de Fall sinn.

Mir haten an der Kommissioun eng relativ kurios Debatt. Ech weess net ob déi Debatt doduerch ausgeléist ginn ass, datt ech am Ufank vun der Sitzung als Witz gesot hunn, dat heite wär ee vun de leschte Relikte vun der Planwirtschaft aus dem Ostblock, an du hunn déi Leit aus dem Ministère mech ganz entsat gekuckt. Si hu vläicht geduecht, ech géif se als Gruftien aus dem Stalinismus oder als Terrorismusministère amplaz Tourismusministère betitelen.

Jiddefalls ass op eemol eng Debatt lassgaangen, wou op eng onerkläerlech Aart a Weis e Lager vun Dirigisten - den Här Scheuer huet gesot Stalinisten -, op där anerer Säit Neoliberaler a Laxisten, an ech weess net wat nach alles, sech géigeniwwer soutz. A wann een awer kuckt, mir hu jo hei an der Chamber, och an de Kommissiounen, oft verschidden Zilsetzungen, wéinst deene verschiddenen Zilsetzunge verschidde Weeër, mä hei hu mir, mengen ech, alleguer déiselwecht Zilsetzung, just vläicht verschidde Weeër, a mir hunn et nach net fäerdeg bruecht an engem Diskussiounsprozess déi zwee verschidde Weeër méi no ze bréngen. Dat ass vläicht eng Geleeënheet, déi mir kënnten nach eng Kéier nohuelen. Ganz kuerz zu dem Gesetz selwer.

Mir fannen et, och wa mir keng super Dirigiste sinn, gutt, dass een e Fënnefjoresplang ka fir Infrastrukturen an neierdéngs och fir Programmer vum Tourismus an der Chamber votéieren. Ech muss natierlech soen, dass déi Begeeschterung iwwert déi plus 28% een e bësse muss atténuéieren, well wann een déi 28% op déi fënnef Joer verdeelt, doraus eng Moyenne géométrique mécht, da kënnt een op 4 an iergendeppes Prozent. An da muss ee soen, dass dat däitlech ënnert de Budgetsnorme vun de leschte fënnef Joer läit. Dat heescht, aner Ministèrë sinn an där Period méi staark gewuess.

Ech ka mer denken, dass d'Nofro no Wuesstum an der Tourismusbranche net esou staark war wéi vläicht an anere Branchen, well d'Zuelen iwwert déi lescht fënnef oder zéng Joer weisen, dass et awer ee Secteur ass deen net déiselwecht extraordinär Croissance opweist zu Lëtzebuerg an deene leschten zéng Joer wéi déi aner Secteuren, an dass, wann ee géif d'Stad Lëtzebuerg ewech rechnen, esouguer a verschiddene Regiounen e liichten Abroch, zumindest eng Stagnatioun, awer op relativ héijem Niveau festzestelle wär. Et ass also net e Secteur, deen elo zu der Feilspëtzt vun der Lëtzebuerger Dynamik zielt.

Wat ech awer an deem Projet neierdéngs ganz gutt fannen ass, dass zumindest eng oder zwou Propositioune vun der ETI II-Etüd, déi een anscheinend net däerf ETI-Etüd nennen, mä déi hei ëmmer Etüd genannt ginn ass, do eraus geholl gi sinn, zum Beispill dass an Zukunft net nëmmen eleng Infrastruktur, Investitiounen, mä och Programmer, Gestioun, Koordinatioun an Etüdë kënne finanzéiert ginn. Esou gesinn ass effektiv dëse Fënnefjoresplang e Krack méi wäit gaang wéi déi Pläng virdrun. Mir fannen dat gutt, kënnen dat dofir och rouege Gewëssens stëmmen.

Wat natierlech, an dat war den Ausléiser vun der Diskussioun an der Kommissioun, fir déi eng eigentlech den Haaptmotto vum Tourismus ass, ass fir déi aner nëmmen den Aboutissement vun engem Kader. Mir gesinn deen heite Projet eigentlech just als een Instrument vun enger méi konsequenter Politik, an déi konsequent Politik, fanne mir, feelt de Moment an dësem Land.

Dat éischt ass, wou ee sech menger Meenung misst kloer sinn: A wéi eng Richtung geet de Lëtzebuerger Tourismus? Et ass méi wéi jee wichteg, dass eng Tourismusregioun sech eng corporate identity, en Image opbaut. Do schwätzt natierlech jiddferee vun Tourisme durable. Ech war rezent mam Kolleeg Sunnen op engem Kongress doriwwer, an et gëtt effektiv Definitioune vun Développement durable vum Tourismus, mä ech hunn awer déi Kritäre weder am Gesetz nach an den Ausféierungsbestëmmunge vum Règlement grand-ducal kënne liesen. Ech weess net, ob den Ökotourismus zu Lëtzebuerg aus engem recyclable Cabinetsdeckel an engem Hotelszëmmer besteet oder aus engem kohärente Konzept fir eng Regioun, zum Beispill fir Natur, fir Wandern, fir Thermaltourismus oder Ähnleches, fit ze maachen. Dofir fannen ech, dass et awer e Kader misst ginn, dee festleet wat ënnert dem nohaltegen Tourismus zu Lëtzebuerg ze verstoen ass.

Deen zweete Punkt, deen och, mengen ech, muss clarifiéiert ginn, ass dee vun de véier Créneauen. Déi véier Créneaue sinn an der Etüd vum ETI vun 1992 festgesat ginn, mä déi sinn awer néierens definitiv oder se sinn néierens als offiziell Politik festgeluecht ginn. Déi ginn deklaréiert. Den Här Schank huet hei op der Tribün behaapt, hie kéint och nach weider Créneauen dobäi setzen. Ech sinn der Meenung, dass een awer iergendwann eng Kéier sech muss eens sinn an dat an engem Text festhalen, wéi eng dass déi Créneaue sinn, quitte dass, wann et nei Opportunitéite gëtt, een nach een oder zwee Créneauen dobäi ka setzen. Datselwecht gëllt och fir déi touristesch Regiounen.

Ech hu mech un der Etüd ETI II orientéiert. Ech hunn déi touristesch Regioune festgestallt a sinn der Meenung, dass déi Leit jo wahr-

scheinlech och eng gewësse Kompetenz hu fir déi Regioun ze identifizéieren. Ech muss awer elo an engem Bréif liesen, wéi et och schonn hei zitéiert ginn ass, dass et natierlech nach aner Regioune gëtt, déi sech awer de Moment net genuch berücksichtegt fillen. Dofir fannen ech dass et awer och misst zu der Tourismuspolitik gehéieren, dass een ee fir allemol definéiert wéi eng touristesch Regioune mer hunn an no wéi enge Kritären déi touristesch Regiounen équitabel behandelt an équitabel och gefördert ginn.

Da komme mir zu deem Punkt, wou et wahrscheinlech déi gréissten Divergenze gëtt: Wie soll déi méi kohärent Tourismuspolitik an d'Wee leeden? Wie soll zum Beispill déi 55 Propositioune vum ETI an d'Wee leeden? Do gëtt et zwou extrem Positiounen: Entweder déi dirigistesch, dass ee géif Antenne vum Ministère an d'Regioune setzen an déi géifen dann do décidéiere wou d'Tourismuspolitik higeet, oder déi aner, wou een eng Permanence am Tourismusministère iwwert de Weekend opléisst an drop waart, dass ee schelle kënnt a seet, ech géif gär a menger Regioun en Animateur touristique astellen oder e Bureau regional maachen. Dat sinn déi zwee Extremer.

Ech sinn der Meenung, dass een net soll an déi Richtung goen, Antenne vum Tourismusministère an d'Regiounen ze setzen, an ech sinn och net der Meenung dass ee muss, wéi et an der ETI-Etüd e bësse platt steet, de Bénévolat ofbauen. Ech sinn an engem anere Beräich, am Kulturberäich, säit zéng Joer dee gewiescht, deen ëmmer fir Bénévolat agetratt ass, an ech stelle fest dass mir de Moment a Richtung vun engem Statsmonopolkapitalismus an der Kulturstruktur ginn, wou ëmmer méi professionell Infrastrukture gebaut gi mat professionelle Strukturen, déi honnerte Millioune kaschten, an dass déi A.s.b.l.en, de Bénévolat ëmmer méi Schwieregkeete kritt fir sech ze artikuléieren a fir genuch Moyenen ze hu fir seng Koordinatiounsaarbecht ze maachen, an dofir wär ech dee leschten deen elo fir en Ofbau vun dem Bénévolat am Tourismus géif antrieden.

Mä beim Bénévolat ass et einfach esou: De Bénévolat muss encadréiert ginn, a besonnesch wann ee wëllt nei Leit fir dee Bénévolat ziichten, well d'Jugend vun haut, déi ass e bëssen anescht configuréiert wéi mir aner. Mir si scho mam Bénévolat opgewuess an déi Jonk vun haut, déi mussen awer iergendwéi encadréiert gi fir dass se sech an dee Bénévolat kënnen integréieren. Aus deem Grond si mir dofir, dass een déi Strukture soll notzen déi bestinn, fir de Professionalismus ze förderen ouni de Bénévolat ofzebauen. Do stellt sech natierlech d'Fro, an dat ass eng Fro déi mech och an anere Beräicher beschäftegt: Wien kann esou eppes maachen? Zu Lëtzebuerg hu mir den ONT, wat eng A.s.b.l. ass, wou iwwer honnert Memberen dra sinn, wann een d'Memberen zesummenzielt, déi effektiv an déi consultativ, wou de professionelle Staff eng ganz gutt Aarbecht mécht, mä wou ech mech froen ob et nach aner Potentialitéite gëtt. Ech hunn zum Beispill op deem Kongress, deen ech zitéiert hunn, mat de Responsabele fir den Tourismus vu Barcelona geschwat.

Barcelona ass flächeméisseg bal esou grouss wéi Lëtzebuerg. Et huet nach vill méi Awunner a vill méi Touristen. Et ass natierlech alles op eng Plaz konzentréiert. Déi sinn higaangen an hunn einfach eng Firma gegrënnt, wou d'Gemeng 51% dran huet an déi Privat 49%. Déi Firma, déi schafft genau wéi eng privat Firma. Et ass eng Optioun, déi ee kann hunn. Ech mengen dass déi fir Lëtzebuerg net gutt wär. Déi wär fatal, well dat ass een zentralistesche Modell wou déi, déi an der Firma virop sinn, hir Dynamik duerchsetzen an all déi aner, déi e bësse méi Schwieregkeeten hunn, déi géifen do ënnergoen. Dat ass zu Barcelona net de Fall, well do ass alles touristesch zimlech am Zentrum verankert.

Anersäits muss ech awer och fannen, dass eng Struktur, eng A.s.b.l. wéi den ONT och gewësse Schwächten huet, e kann och gewësse Saachen net maachen. Wann den ONT géif eng Privatfirma mat aneren zesumme maachen als A.s.b.l. kéim en do ganz séier ënnert d'Rieder. Dofir plädéiere mir eigentlech éischter fir eng Struktur. Mir denken un en Etablissement public, well dat eis prinzipiell am Sympatheschsten ass a well dat e Moyen ass fir eng Structure publique fir och op privatwirtschaftlechem Terrain aktiv ze ginn. Et gëtt keng aner Méiglechkeeten.

A Frankräich hunn d'Etablissements publics vill méi Moyenen. Mir mengen dass bei esou en Etablissement public, dee jo géif déi exekutiv Komponente vun der Aarbecht vum ONT ersetzen, een oppassen misst, dass dat net ze vill eng dirigistesch an och net ze vill eng staatlech Verwaltung géif ginn. Dofir géife mir virschloen, wann een esou een Etablissement public géif maachen, ee géif an de Conseil d'administration eng grouss Majoritéit vun Acteure vum Terrain setzen, sief et kommunaler, sief et syndikaler, sief et privater, an et géif een op alle Fall kucken och dat ze maache wat den Här Schank hei virgeschloen huet, nämlech e Conseil supérieur vun den Acteuren ze forméieren, déi all Moment kéinten Ableck hu wat dann elo dee reformëierten, géing ech bal soen, ONT do am Optrag vun der Regierung mécht. An deem Sënn, Här President, well ech elo säit zéng Joer ës et e bësse sat hunn ëmmer nëmmen ze schwätzen - déi meescht Leit schwätzen ëmmer nëmmen -, vu dass et déi lescht puer Weekender vill gereent huet, hunn ech mir d'Méi gemaach doriwwer eng Proposition de loi ze maachen an déi wäert ech lech dann hei déposéieren.

## 3. Dépôt d'une proposition de loi

*- Proposition de loi 5093*

*1. relative à la politique nationale pour le développement du tourisme;*

*2. portant création d'un établissement public nommé „Institut national du Tourisme";*

*3. régissant les modalités du plan quinquennal pour le développement du tourisme.*

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Garcia a si gëtt se virun un déi zoustänneg Kommissioun an un de Conseil d'Etat.

## 4. 5004 - Projet de loi ayant pour objet d'autoriser le Gouvernement à subventionner l'exécution d'un septième programme quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique (suite)

***Discussion générale (suite)***

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- En attendant dass déi gutt Virschléi da vun där Proposition de loi hei kënnen diskutéiert ginn an dass se dann och eventuell eng Kéier am Plenum kann zur Ofstëmmung bruecht ginn, géif ech awer provisoresch dësem Gesetz hei eis Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als lescht Diskussiounsriednerin ass d'Madame Maggy Nagel agedroen. D'Madame Nagel huet d'Wuert.

Plusieurs voix.- Ah!

Mme Maggy Nagel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeems dann den Här Garcia déi Proposition de loi hei elo déposéiert huet an nodeems den Här Belling mir nach e puer Minutten iwwreg gelooss huet, wëll ech nach ganz kuerz e puer Iwwerleeungen zu där Proposition de loi maachen.

***(Interruption)***

A senger Aleedung stellt den Här Garcia fest, dass den Tourismus an der Lëtzebuerger Ekonomie net déiselwecht wichteg Roll spillt wéi dëst a Länner am Mëttelmierraum oder méi generell am Süde vun Europa de Fall ass.

Dëst ass effektiv eng Tatsaach. Mä ass et net liicht mat den Hoer erbäi gezunn fir den Tourismus hei zu Lëtzebuerg mat deem vu Länner wéi Spuenien, Italien oder Portugal wëllen ze vergläichen? Ass et net esou, dass an deene Länner traditionell den Tourismus méi en héije Stellewäert huet, well dës Länner méi ze bidden hunn, un éischter Stell d'Sonn an d'Mier? Ech hoffen och, dass den Här Garcia als Deputéierte vun deene Gréngen net am eescht bedauert, dass mir hei am Land kee Massentourismus hu wéi zu Mallorca oder Rimini, e Massentourismus, dee jo och leider op d'Käschte vun der Émwelt geet.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Lauschtert no, Här Garcia!

***(Interruption)***

Mme Maggy Nagel *(DP).*- Allgemeng soll a puncto Tourismus méi Wäert op d'Qualitéit geluecht ginn. D'Quantitéit wëllen erop ze dreiwen ass menger Meenung no déi falsch Approche.

Här President, loosst mech, wann Dir erlaabt, elo zu der Pièce maîtresse, wéi den Här Garcia et selwer nennt, vun dëser Proposition de loi kommen. Et handelt sech hei ëm d'Schafe vun engem sougenannten Institut national du tourisme, engem Etablissement d'utilité publique, deen d'Aufgabe vum ONT am Sënn vun enger besserer Koordinatioun vun deenen eenzelnen Acteuren an der Tourismusbranche soll iwwerhuelen. Am Tourismusberäich sinn nun emol vill Acteuren am Spill. Meng Partei huet schonn 1998 op d'Wichtegkeet vu Synergien tëschent deenen eenzelnen Acteuren an op eng kohärent Gesamtvermaartung higewisen. Den ONT mat sengem excellente Personnel huet villes an déi Richtung ënnerholl, schliesslech ass et jo och eng vu sengen Haaptmissiounen. Esou gesinn d'Statute vum ONT dëst nämlech vir, den Artikel zwee seet: „L'ONT a pour mission d'élaborer, de coordonner et d'effectuer la promotion touristique nationale."

Den Ament ass den ONT eng staark Organisatioun, well hien niewent dem Ministère du tourisme, de Gemengen och d'Syndicats d'initiative, d'Beruffschamberen, d'Organisatiounen an och grouss privat Attraktiounen ënnert engem Daach zesummenzebréngen. Firwat eng nei Struktur an d'Welt setze mat engem sougenannten INT, deem nach e Conseil supérieur du tourisme soll opgesat ginn, wann déi bestehend Struktur kéint développéiert ginn? Wär et net besser den ONT ze stäerken: zum Beispill duerch méi Budget, duerch d'Opstocke vu sengem Personal, duerch den Transfert vun de Foirë vum Ministère eriwwer bei den ONT, duerch d'Uschléisse vun den Auslandsbüroen un den ONT, duerch d'Iwwerdroe vun der Promotioun vu Lëtzebuerg als Kongressland un den ONT an esou weider?



Ass et wierklech am Sënn vun enger optimiséierter Koordinatioun, wann een en INT an e Conseil supérieur du tourisme schaaft, amplaz den ONT ze stäipen? Dësen ONT soll der Proposition de loi vum Här Garcia no iwwregens net ofgeléist ginn, mä soll zu enger Lobby degradéiert ginn.

Ech perséinlech sinn der Meenung, dass op regionalem Niveau d'Schafe vu staarken Agencë soll ënnerstëtzt ginn. Dëst wär och e wichtege Schratt um Wee vun der Dezentralisatioun. Et geet a mengen Aen net duer, wéi den Här Garcia dat seet, dee geplangten INT op Klierf ze setzen. Och wann hie sech a sengem Exposé des motifs scho vorbeugend géint d'Uklo vun Dirigismus wiere wëllt, muss een dach feststellen, dass säin INT dësem Dirigismus awer nach méi géif bréngen.

Loosse mir op d'Autonomie vun de Partner op regionalem a lokale Plang vertrauen! Loosse mir se net demotivéieren duerch en excessive staatleche Contrôle. Besser wär et dach dem regionalen Tourismus ënnert d'Äerm ze gräifen an eng kohärent Vermaartungsstrategie zesumme mam ONT ze schafen. Allgemeng soll den ONT dee privilégiéierten Uspriechpartner hei am Land, mä awer och am Ausland, a Saachen Tourismus bleiwen.

Här President, Här Garcia, Dir Dammen an Dir Hären, merci fir Äert Nolauschteren.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Den Här Garcia wollt d'Wuert nach eng Kéier kréien.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Huet den Här Minister nogelauschtert? Dat do ass sécher am Ministère geschriwwe ginn.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wollt wéinst Fait personnel dann hei optrieden.

***(Hilarité)***

Ech sinn e bësse genéiert. Ech si richteg geéiert, dass en Non paper hei Sujet gëtt vun enger Interventioun. Wann ech elo ganz streng wär mam Parlamentsreglement - do steet jo dran, dass een ëmmer soll zum Sujet schwätzen -, dann huet d'Madame Nagel hei net zum Sujet geschwat, well eise Sujet ass dat Gesetz hei, wat mir haut ofstëmmen.

Ech hunn net zu där Proposition de loi geschwat. Ech hu se just zum Schluss déposéiert. Ech hu kee Wuert zu där Proposition de loi gesot. Dofir fannen ech dat Verfahren hei e bësse komesch.

***(Interruption)***

Neen, d'Madame Nagel huet entweder Fäegkeeten eng Proposition de loi extrem schnell ze liesen...

***(Hilarité)***

...oder si krut vun engem vun der Press oder soss iergendengem eng Ried geschriwwen.

Une voix.- ...méi diskret.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Mir ass dat egal. Ech wëll just dem Här President soen, dass dat elo hoffentlech net bedeit, dass déi Proposition de loi elo net méi däerf hiren übleche Wee goen. Zweetens géif ech och déi Leit, déi sech dofir interesséieren, bieden se awer ze liesen, well dat dote kéint jo elo den Androck vermëttelen, dass ee se net méi brauch ze liesen, well souwisou schonn alles driwwer gesot ginn ass. Dofir géif ech awer trotzdeem hoffen, dass déi üblech Procédure fir déi Proposition de loi duerchgefouert gëtt.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- D'Madame Nagel freet nach eng Kéier d'Wuert.

Mme Maggy Nagel *(DP).*- Här Garcia, ech wollt just dozou soen, dass déi Proposition de loi schonn an eisem Courrier war, an dat e Méinden de 27. Januar.

Une voix.- Dat kann net sinn.

Mme Maggy Nagel *(DP).*- An da kënnt Dir kucken, et steet souguer op Ärer Proposition de loi de Vermierk: Dépôt, le 30.01.2003.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, als leschte Riedner kënnt dann elo den Här Tourismusminister Fernand Boden un den Tour. Den Här Boden huet d'Wuert.

***(Interruption)***

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Ech hunn et schwéier, jo. Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, ech soen lech merci.

***(Interruption)***

Frëndinnen a Frënn,…

***(Brouhaha général)***

Une voix.- Maacht der Madame Jacobs e Gefalen.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- …ech soen lech merci fir déi flott, sympathesch an instruktiv a léierräich Debatt, déi mir hei haten. Ech menge jiddfereen huet hei op d'Bedeitung vum Tourismus fir d'Lëtzebuerger Wirtschaft, och fir d'Lëtzebuerger Land insgesamt, higewisen. Den Här Schank huet de Verglach gemaach tëschent dem Lëtzebuerger Tourismus an deem vun anere Länner, wou mir also net ganz schlecht do stinn.

Ech mengen dat geet net vum selwen. Dat verlaangt en Asaz vu ville Leit, och eng geziilte Politik. Ouni Zweifel ass jo och hei ënnerstrach an unerkannt ginn, dass Fënnefjorespläng wesentlech dozou bäigedroen hunn dass mir eng gutt Entwécklung vum Tourismus konnte kréien, dass dat also e wichtegt Instrument war fir d'Entwécklung vum Tourismus.

Et ass och vill geschwat gi vun deem ETI-Konzept, wat 1992 ausgeschafft ginn ass. Ech mengen et war wesentlech dass mir versicht hunn net einfach Fënnefjorespläng een un deen aneren ze reien, mä dass mir versicht hunn dat Ganzt an e strategescht Gesamtkonzept ze stellen an ze versichen eis op eis Stäerkten, Suen, ze konzentréieren, fir déi auszebauen, an d'Schwächten esou wäit wéi méiglech ze eliminéieren.

Ech hunn och drop gehalen, dass, zéng Joer nodeem dat Konzept ausgeschafft ginn ass, mir erëm eng Kéier sollen den ETI beoptrage fir eng kritesch Analys ze maachen iwwert: Wat ass geschitt? Wat ass richteg? Wat muss nach gemaach ginn? Wat kann ee vläicht a wat muss een anescht maachen? Wéi gesot, de fënneften an de sechste Fënnefjoresplang waren ausgeriicht op dat gesamt Konzept an den ETI huet elo no zéng Joer seng Bemierkung dozou gemaach.

Ech hunn an der Chamberskommissioun gesot, datt dat wat den ETI elo geschriwwen huet keng Bibel wär. Dorophin huet den Här Garcia mer dann iergendwéi gesot - oder hunn ech dat bei senger Pressekonferenz gehéiert, wou hie gesot huet - hie wär net wéi ech, ech wéilt alles ofwiergen an attentistesch sinn, hie géif direkt an d'Offensiv goen. Ech hu just gesot, dass dat wat den ETI seet keng Bibel ass, well mir hunn och duerno mat Fachleit, mat de Leit aus dem Tourismussecteur, iwwert déi Etüd geschwat, déi ass eis presentéiert ginn, an do sinn eng ganz Partie Saachen op den Dësch komm wou gesot ginn ass: Dat doten an dat doten ass net richteg.

Haut sinn och eng Partie Saachen esou gesot ginn. Mir hu festgehalen, dass den ETI an d'Chamberskommissioun kënnt an dass mir och do eng Presentatioun kréien. A wa mer doropshin eng Diskussioun hunn, da wäerte mir gesinn dass dat net alles richteg ass. Mä ouni Zweifel ass et wichteg fir eng Bestandsopnahm ze maachen a vu Spezialiste sech soen ze loossen, wat hirer Meenung no misst weidergefouert ginn.

Mir hunn, och esou bal wéi déi ETI's Etüd do war - wëll ech och soen -, déi op Internet gesat a jiddferee konnt Kenntniss dovun huelen. Dat ass kee Geheimdokument, et ass och näischt verstoppt ginn, a mir hate bei der Interpellatioun am November 2001 och schonn eng Kéier méi eng eingehend Diskussioun iwwert d'Ëmsetzung vum Konzept an deene leschten zéng Joer.

Frou sinn ech natierlech gewiescht datt den ETI - an dat ass jo och allgemeng hei zum Virschäi komm, an den Här Garcia huet jo och net gesot, dat wär net richteg, am Contraire - ënnerstrach huet, datt déi véier Seilen, déi mer deemools als eis Stäerkten dohinner gestallt hunn, och haut nach ëmmer déi richteg sinn an datt mer weider probéiere solle fir déi véier Seilen do ze stäerken an ze stäipen, an datt och d'Visioun, déi mer 1992 entwéckelt hunn, déi Liewensqualitéit an Tourismusqualitéit heescht, nach ëmmer richteg ass, an datt dat och soll weider gefouert ginn.

Ech wëll och nach eng Kéier soe wat de Sënn vun där Visioun, Liewensqualitéit an Tourismusqualitéit, war. Éischtens emol ass et drëm gaange fir d'Liewensqualitéit, och vun den Awunner hei zu Lëtzebuerg, ze stäerken an ze stäipen an doduerch d'Akzeptanz zum Tourismus ze vergréisseren. Wa mer touristesch Infrastrukture maachen, profitéieren net nëmmen d'Touristen dovun, mä och d'Liewensqualitéit vun de Lëtzebuerger gëtt doduerch gestäerkt. An dat war och ee vun de Sënner an Zwecker, woufir datt mer an déi Richtung do geschafft hunn.

Dann ass drop higewise ginn - och hei de Mëtten -, dass mer duerch d'Stäerkung vun engem Secteur, deen ëmweltfrëndlech an ëmweltschounend ass, och erreecht hunn datt d'Wirtschaft diversifizéiert an och dezentraliséiert ginn ass, a besonnesch den Tourismus am ländleche Raum ass entwéckelt ginn. A mir wëssen datt den Tourismus e ganz staarken Impakt op aner Zweiger, aner Aktivitéiten huet, an doduerch sinn also aner Aktivitéiten an de Regiounen gefestegt ginn. Och dat huet zur Liewensqualitéit vun de Leit bäigedroen. Op ville Plaze wär keng Epicerie méi, wäre keng Handwierksleit méi, wann net Tourismus an där Regioun géif bedriwwe ginn. Dat kënnt also och de Leit aus der Regioun zegutt.

An dann de Begrëff vun der Qualitéit. Do ass et drëm gaange fir ze dokumentéieren datt mer net wéilten an eng Richtung vu Massentourismus goen, am Contraire, datt mer konsequent eng qualitéitsorientéiert Produkt- an Ugebuetsphilosophie wéilten entwéckelen an doduerch d'Steigerung vun dem Tourismus, och am Sënn vum nohaltegen Tourismus, wéilten développéieren.

Eis Strategie war, eis Stäerkten ze notzen an e méiglech gréissten Undeel vun dem Tourismus insgesamt ze kréien. Et ass eng Industrie déi e Wuesstem kennt, mä wou d'Konkurrenz ganz staark ass an et muss ee sech also drëm beméien a bekëmmere fir deeselwechten Undeel ze behalen, wéi ee virdrun hat.

Mir hu versicht fir nohalteg touristesch Erschléissungen ze maachen. Mir hunn also gekuckt datt mer hei net e Projet kritt hunn deen net an de Kader vum Land eragepasst huet. Ech hu mech ëmmer dogéint gewiert, fir ganz grouss Zenterparken ze maachen, an ech wiere mech och géint Mega-Projeten, déi net an de Kader vum Land erapassen, déi net mat der Philosophie vun nohaltegem Qualitéitstourismus kompatibel sinn, dee mer wëlle förderen.

Une voix.- Mengt Dir domat d'Schipisten zu Buerschent?

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Dann, wéi gesot, hu mir versicht fir dee Secteur ze entwéckelen, fir datt Aarbechtsplaze sollen erhalen oder geschafe ginn. D'Zuele sinn hei genannt ginn, méi wéi 12.000 Leit schaffen eleng am Horesca-Secteur, a wann ee weess datt ganz vill aner Secteuren och vum Tourismus ofhänken, da weess een datt dat eng grouss Bedeitung huet.

Wat ass den Impakt vum Tourismus op d'Lëtzebuerger Wirtschaft? Fir elo genee Donnéeën a Chifferen ze soen - ech mengen dat ass jo wuel gefrot ginn - ass ganz schwéier, mä ouni Zweifel ass et e vill méi héije Prozentsaz wéi déi 5%, déi elo eleng an der Gastronomie an an der Hotellerie erwirtschaft ginn.

An europawäit si se amgaangen sougenannte Comptes Satellitestourismes auszeschaffen, an do geet et drëm duerch mathematesch Berechnungen a Modeller kënnen ze évaluéieren, wat den Impakt vum Tourismus op d'gesamt Wirtschaft ass. Ech hoffen, datt dat relativ schnell ka geschéien, datt een och Lännervergläicher ka maachen, wat dorëmmer d'Importenz vum Tourismus ass.

De sechste Fënnefjoresplang, mengen ech, huet eng Rei vun Akzenter gesat, an et ass hei ënnerstrach ginn, déi och hiren Effet haten. Virun allem ass vill Wäert op d'Verbesserung vun der Hôtellerie geluecht ginn, d'Bäihëllefen an der Hôtellerie hei am Land si méi héich wéi an anere Länner, an dat huet dozou gefouert datt vill an d'Hôtellerie investéiert ginn ass.

Et huet awer och leider Gottes - an dat wëll ech och soen - net all Leit dozou ugereegt fir doranner ze investéieren. Et gi Leit, déi hun ze laang näischt an d'Hotelen investéiert. Dann ass den Zuch verpasst an dann ass et schwéier fir do erëm no ze kommen. Da muss ee schonn, mengen ech, grondleeënd Ännerunge maachen a ganz héich Montanten investéieren an et sinn der och eng Partie déi dat gemaach hunn.

Et ass zu Recht gesot ginn, dass d'Zuel vun den Hotelen iwwer Land ofgeholl huet, mä dofir muss een awer soen datt duerch déi, déi bäikomm sinn, an déi Investitiounen, déi gemaach sinn awer eis Hotele qualitativ wesentlech verbessert a sou gemaach gi sinn wéi et haut néideg ass. Vill Clienten hätte gären, datt, wa kee schéint Wieder ass, se sech am Hotel kënne sportlech betätegen a gesondheetsfördernd Aktivitéite maachen.

An där Richtung ass geschafft ginn a mir versichen och an Zukunft cibléiert d'Hôtellerie ze encouragéieren an hir ze hëllefen, fir a gewësse Beräicher ze investéieren, wéi Wellness a Gesondheetstourismus oder Sportshôtellerie.

Dann ass de gréissten Undeel vun de Suen - dat wäert och an dem nächste Fënnefjoresplang de Fall sinn - un d'Gemenge gaangen, fir datt si sollen encouragéiert gi fir hir Sport- a Fräizäitinfrastrukturen unzepassen, ze verbesseren oder auszebauen, hir Dierfer an Uertschaften ze verschéineren a Muséeën ze maachen oder, am Osten, fir e Schëff iwwert d'Musel fueren ze loossen, wat e qualitative Sprong no uewe mécht, wat de Confort an d'Qualitéit ubelaangt.

Da sinn och ronn 20% vum Budget un d'Syndicats d'initiative gaangen, wou eng ganz Rei vun interessanten a flotte Projeten am ländleche Raum gemaach si ginn. Ech wëll do u Munzen erënneren, wou wierklech eng Masse critique vun Attraktioune geschaf ginn ass, déi dozou féiert datt dat wierklech en touristechen Zentrum fir d'ganz Regioun ginn ass, a vill Touristen dohinner zéit.

An dann ass d'Netz vun de Jugendherbergen ausgebaut ginn. Besonnesch an dem nächste Fënnefjoresplang gëtt e groussen Akzent op den Ausbau vun dem Jugendherbergennetz gesat. Ech wonnere mech, datt den Här Scheuer am Fong e bësse bemängelt huet, dat géif net duer goe fir Jugendtourismus ze maachen, well just zu Iechternach 350 oder 400 Milliounen an eng nei Jugendherberg investéiert ginn, wou de Stat iwwer de Fënnefjoresplang 70% bäileet…

Une voix.- Très bien.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- …a wou e Konzept erstallt ginn ass vun der Jugendherbergzentral, wéi dat soll mat agebonne ginn a mat an en europäesche Réseau vu Jugendherbergen agebaut ginn, fir och déi jonk Leit heihinner an eist Land ze zéien an datt se duerno gutt Clientë ginn a bleiwen.

Déi véier Seilen, wéi gesot, wäerten och am siwente Fënnefjoresplang gestäipt ginn, dat ass niewent dem Bannentourismus, de Kongresstourismus, den Tourismus am ländleche Raum an de Kulturtourismus.

Fir eng Klammer op ze maachen, wëll ech och soen, dass den Tourismusministère net deen eenzegen ass deen an Infrastrukturen investéiert, déi dem Tourismus zegutt kommen. Wann zum Beispill e Pei-Musée gebaut gëtt, kënnt dat och ouni Zweifel dem Tourismus zegutt, wann d'Stad Lëtzebuerg oder de Staat hir Muséeën nei mécht, a wann d'Festungsmaueren an d'Rei gesat ginn, kënnt dat dem Tourismus zegutt, sou ass et wichteg datt also Hand an Hand geschafft gëtt. A fir nach en anere Ministère ze nennen: wann den Ëmweltministère am Haff Réimech interessant Investitioune mécht, fir do kënnen op eng flott Aart a Weis d'Natur, d'Vigel kucken ze goen, sou ass dat och ouni Zweifel en Attrait fir den Tourismus.

Also et muss een zesumme schaffen an hei sinn eng ganz Rei vu Ministèren mat dru bedeelegt fir déi touristesch Infrastruktur, oder Infrastrukture vun deenen den Tourismus profitéiere kann, auszebauen, mä dat ass net e Bestanddeel vum Fënnefjoresplang.

Iwwregens ass et esou datt, wann de Stat eng Infrastruktur mécht, se net an e Fënnefjoresplang dra kënnt, dat gëtt normalerweis iwwer e speziell Gesetz gemaach. Et gi jo Leit déi soen, et misst een elo och an dësem Fënnefjoresplang Projete vum Stat aus drasetzen. Dat ass net de Sënn vum Fënnefjoresplang, dat gëtt iwwer eege Gesetzesprojete gemaach, déi der Chamber musse presentéiert an och hei gestëmmt ginn.

Voilà, wat d'Enveloppe budgétaire ubelaangt ass jo hei ënnerstrach ginn, datt e gudde Sprong no uewe gemaach gëtt, ëm 28% gëtt déi Enveloppe vergréissert, se ass zéng Mol méi grouss wéi d'Enveloppe vum éischte Fënnefjoresplang. Bis elo sinn déi budgétaire Mëttele meeschtens duergaangen. Ech hunn och an der Kommissioun gesot, wa nei Projete géifen dobäi kommen, déi elo nach net bekannt waren, déi awer wichteg a wesentlech fir d'Verbesserung vum Tourismus wären, dass et da kee Problem ass, datt ech der Regierung se dann ënnerbreeden fir eventuell de Fënnefjoresplang auszebauen, souwisou kënnen iwwer e Reglement nei Projeten dobäi kommen.

An ech muss soen, doduerch dass d'Vëlospistennetz jo vun engem anere Ministère zum gréissten Deel gemaach gëtt, bleiwen hei an dësem Fënnefjoresplang méi Suen iwwreg fir aner Projeten ze maache wéi de Réseau vun de Vëlospisten auszebauen, quitte datt mer eis wëllen drop konzentréiere fir an touristesche Géigenden, Réseauen ze maache fir datt dee ganze Vëlostourismus, deen e wichtege Secteur vum Tourismus ginn ass, kann ausgebaut ginn an datt en touristesch besser genotzt ka ginn. Wéi gesot, do ass e ganze Programm virgesinn an och an der ETI's Etüd gëtt dat jo ënnerstrach an et gëtt dorobber insistéiert.

Da gëtt versicht gewësse Saache Rechnung ze droen, déi ugeprangert gi sinn. Mir versichen an dësem Fënnefjoresplang, datt déi privat Campingen an och déi vun de Syndikater oder vun de Gemenge gläich subsidiéiert ginn. Dat ass jo gefrot ginn. Dat ass natierlech net interessant fir d'Gemengen an d'Syndikater, déi elo manner kréie wéi dat virdrun de Fall war, mä et ass allgemeng gesot ginn, et misst een d'Concurrence déloyale vermeiden. Dat gëtt an dësem Projet gemaach.

Mir versichen och als Neierung fir e Fonds spécial ze schafen, datt also déi viirgesinne Sue kënne méi rationell agesat ginn, jee no der Progressioun vun de Projeten an deenen eenzele Secteuren an Domänen, an datt mir kënnen e bësse méi flexibel si wat d'Finanzéierung ubelaangt, fir datt d'Leit, déi investéiert hunn, esou schnell wéi méiglech hir Sue kënne kréien, mä dat soll a voller Transparenz gemaach ginn. Den Text seet dat jo och ganz kloer.

Dann ass nei am Fënnefjoresplang, dat ass jo begréisst ginn, datt ee ka béi gréissere Projeten, awer dat musse Projete sinn déi e regionalen oder nationale Charakter hunn, wann déi vu Syndikater oder A.s.b.l.en, déi am Intérêt vum Tourismus schaffen, solle géréiert ginn, datt een deenen hëlleft och d'Fonctionnementskäschten an d'Personalkäschten ze iwwerhuelen, op d'mannst an enger éischter Phas bis datt dat richteg leeft, fir datt dat och professionell ka géréiert ginn. Dat ass also, wéi gesot, eng net onwichteg Neierung an dësem Projet. An dann hu mer d'Méiglechkeet geschaaft, datt mer op regionalem Plang kënnen eis Organisatiounsstrukturen ausbauen, sougenannte regional Agenturen maachen, datt een do kann niewent infrastrukturelle Käschten, déi vläicht dobäi ufalen, och d'Personalkäschten am Kader vum Fënnefjoresplang iwwerhuelen.

Wéi gesot, mir wëllen d'regional Ebene organisatoresch stäerken. Do ass d'Zilsetzung kloer. Den Här Garcia huet och drop higewisen, mee wéi mer wëllen dohinner kommen, do ginn d'Weeër auserneen. Ech wëll och nach kuerz dorobber ze sprieche kommen. Mä evident ass et, datt duerch déi Fënnefjoresplän eis Infrastrukture gutt gi sinn, datt se den internationale Vergläich aushalen, datt se eng Tromp si fir de Lëtzebuerger Tourismus an duerch dëse Fënnefjoresplang wäert déi Infrastruktur nach weider kënnen ausgebaut ginn.

Wat d'Hôtellerie ubelaangt hunn ech drop higewisen, datt mer wëllen an d'spezialiséiert Hôtellerie cibléiert méi staark investéieren. Mer mussen awer och dem Code des Aides vun der Gemeinschaft Rechnung droen, an do gëtt d'Bäihëllef op 15% vum Gesamtinvest limitéiert. Eis Bäihëllef gëtt méi staark cibléiert an et si verschidden Tauxen viirgesinn, deemno wat ee mécht. Wann een zum Beispill an d'Nohaltegkeet investéiert, da kritt ee méi en héijen Taux wéi wann een einfach nëmmen en Zëmmer oder d'Réceptioun moderniséiert.

Dann hu mer och virgesinn, datt am ländleche Raum bei Neikonstruktiounen den Taux ëm 5% méi héich ass wéi dat a Stied de Fall ass. Mir wäerten och weider drop bestoen, well dat heiten e Fënnefjoresplang ass dee net ganz grouss Projete soll subventionéieren, mä dee soll déi saisonal regional, ländlech Tourismushôtellerie prioritär stäerken, datt keen Hotel, wat méi wéi 75 Zëmmer huet, ka vum Fënnefjoresplang profitéieren. Dat ass keng Neierung, dat wëlle mer awer bäibehale fir ze ënnersträichen, datt et hei virun allem drëm geet fir déi traditionell Familljenhôtellerie ze stäerken an där ze hëllefen ze investéieren a sech op de leschte Stand der Dinge ze bréngen.

Bei de Campinge gi mer e bësse méi flexibel wat de Camping résidentiel ubelaangt, well mer agesinn hunn datt d'Nofro no Chaleten, no Mobilhomen ëmmer méi grouss ginn ass, mä e gewësse Prozentsaz vu Plaze muss awer reservéiert bleiwe fir de Passage, a wann ee prozentual manner Passage Plazen huet, kritt een och manner héich Subventiounen. Och do gi mer ënnerschiddlech Tauxen. Wann zum Beispill een an d'Richtung ECO-LABEL investéiert, an d'Nohaltegkeet investéiert oder d'Apassung an d'Landschaft verbessert, da kritt ee méi en héijen Taux wéi wann een dat net mécht.

Bei de Jugendherbergen hu mer drop higewisen, datt mer do versichen en ambitiéise Programm virun ze dreiwen, zesumme mat de Gemengen an och mat der Jugendherbergzentral. Ech mengen, dat ass och e wichtegen Incentive an dësem Fënnefjoresplang.

Da wëll ech awer nach eng Kéier op déi Debatt agoen, déi gefouert ginn ass iwwer méi oder manner Dirigismus. Also, mir sinn alleguer d'accord domat, datt mer méi Professionalismus an dem Tourismussecteur brauchen, besonnesch op regionaler Ebene, an datt mer also musse versichen déi Strukturen ze stäerken. Ech wëll awer nach eng Kéier drop hiweisen, datt den Tourismus och e Wirtschaftsecteur ass, e Wirtschaftsecteur wou et virun allem drop ukënnt, datt d'Qualitéit vum Accueil stëmmt, datt de Service stëmmt, datt de Service an den Accueil musse flexibel un d'Wënsch vun de Clienten ugepasst ginn. Esou Saache verdroe keng Planwirtschaft, déi verdroe keen Dirigismus vun uewen no ënnen, mä dat verlaangt datt d'Initiative vun de Gemengen, vun de Gemengesyndikater, vun de Syndicats d'initiative vun der Regioun ausginn, quitte datt se mussen erapassen an dee Kader dee mer gesat hunn, an dat Konzept dat mer ausgeschafft hunn, datt se och musse kompatibel si mat den Direktive vun dem Aménagement du Territoire.

Mä wa mer wëllen d'Organisatiounsstrukture stäerken, ass et och do net richteg datt mer vun uewen no ënne wëlle versiche Strukturen ze imposéieren, mä datt ee versicht fir dat op der Basis vun der Regioun ze maachen.

***(Interruption)***

Den Här Garcia seet dräimol très bien. Ech muss zwar soen, datt dat wat hie gesot huet an dat wat en a sengem Text geschriwwen huet - ech hunn dat op Internet nogekuckt, ech weess net ob dat de leschte Stand der Dinge ass - net ëmmer matenee kompatibel ass. Ech wëll hei elo net ganz laang am Detail agoen op dee Gesetzesvirschlag dee gemaach ginn ass,…

***(Interruption)***

…mä ech wëll awer soen, datt een do soll ganz seriö an och intensiv diskutéieren, datt mer net nëmmen iwwert d'Ziler eens ginn, mä datt och jidderee versteet wat fir e Wee ee wëllt aschloe fir dat Zil ze erreechen. Well wéi ech den Text vum Här Garcia verstinn, esou gëtt en Etablissement public gemaach deen ënnert der Tutelle vum Ministère steet. Iwwer Règlement granducal gëtt festgehale wat dem Mi-

nister muss ënnerbreet ginn a wou e muss d'accord sinn. Alles dat si Saachen déi also nach musse fixéiert ginn. A wann de Minister muss alles virgeluecht kréie wat deen Institut do mécht, dann hu mer wierklech d'Planwirtschaft an dann hu mer Dirigismus vun uewe bis ënnen. Dofir mengen ech och, datt et méi sënnvoll wär déi gestane Strukturen ze notzen. Mir hu gestane Strukturen, dat eent ass den ONT, wou de ganze Secteur mat dran agebonnen ass, dee menger Meenung no eng gutt Aarbecht mécht, besonnesch am Beräich vun der Promotioun fir d'Land dobaussen ze verkafen, Lëtzebuerg als touristesch Destinatioun bekannt ze machen, an dee kritt och Suen vum Ministär zur Verfügung gestallt, net iwwert de Fënnefjoresplang, mä iwwert den normale Budget, fir dat ze maachen. An do ass och eng Bedeelegung vum Privatsecteur, vun de Gemengen, vun de Syndikater, vun der Horesca, jee e ganze Beräich vun Institutiounen ass do mat dran an déi maachen hir Aktivitéiten. Do kann de Minister wuel eppes matschwätzen, mä do ass en awer minoritär dran, quitte datt en d'Majoritéit vun de Finanze stellt, mä do ass awer e Konsensus do fir dat gemeinsam esou ze maachen an dat anzebetten an eng Gesamtpolitik.

Mä et war ëmmer gewollt, an doriwwer ass jo laang diskutéiert ginn, an dat steet jo dann och an der ETI-Etüd, datt een net soll an de Regiounen Antenne vum ONT maachen. Datt also déi Leit, déi an de Regioune géife schaffen, an déi de Benevolat an den Ententen, déi haut bestinn, professionell ënnerstëtzen, datt dat net solle Leit sinn déi vum ONT agestallt ginn an déi do an d'Regioun geprafft ginn, mä datt d'Regioun selwer soll, doduerch datt d'Gemengen mat agebonne ginn, méi eng Masse critique vu Mëttele kréien, souwuel vum Ministère aus wéi och vun eegene Mëttelen, déi se sech erwirtschaften iwwer eng Taxe oder einfach aus dem Budget, oder iwwer Taxen déi vum Stat un d'Gemenge verdeelt ginn. Datt se also géife Mëttele kréie fir Leit anzestellen, déi si selwer eraussichen an déi hëllefen d'Politik vun der Regioun ze développéieren no deene Prioritéiten, déi och an der Regioun selwer opgestallt ginn, an déi sech natierlech mussen abetten an e Gesamtkonzept, a wou direkt Liene musse si mam ONT, mam Ministère. Datt déi Relatioune mussen ausgebaut ginn, do sinn ech 100%eg d'accord domat, mä ech mengen et wier eng falsch Politik fir vun uewen, sief dat vum Ministère aus oder vum ONT aus, Leit an d'Regiounen ze delegéieren, wou dann déi missten obligéiert ginn domat ze schaffen. Ech mengen, si sollen hir Leit selwer eraussichen, si solle selwer versiche fir d'regional Agentur ze stäerken.

Och an der ETI-Etüd steet ganz kloer, déi bestehend Ententes régionales sollen ausgebaut ginn andeem datt een d'Gemenge mat abezitt an, andeem datt een iwwer e Refinanzéierungsmodell hinne méi Suen zur Verfügung stellt, fir datt se sollen a kënne sech encadréiere loosse vu Leit, déi full-time déi Aarbecht do maachen. Dat ass dat Konzept wat ech och ëmmer verteidegt hunn, wat och vum Secteur aus gefrot ginn ass, an ech mengen et wier falsch fir en anere Wee ze goen.

Dat war déi Debatt, déi mer an der Kommissioun haten. Et ass och déi Debatt, déi mer an der Zukunft musse féieren. Also d'accord si mer alleguer mat der Richtung. Et muss méi professionell geschafft ginn, et mussen also méi Leit agesat ginn, déi full-time hir Aarbecht am Tourismus maachen, déi eng Ausbildung dofir hunn, mä wéi een dat soll an de Regioune maachen, ech mengen doriwwer musse mer nach eng Kéier ganz intensiv a ganz seriö diskutéieren, well ech net der Meenung sinn, datt ee soll ze vill liichtschatz bestehend Strukturen vun hiren Aktivitéiten, déi se laang gutt gemaach hunn, einfach entbannen an da versichen eppes Neies ze schafen. Ob dat besser gëtt, dat ass eng Fro déi ech mer stellen, mä, wéi gesot, ech begréissen datt den Här Garcia sech d'Méi mécht fir eng Proposition de loi ze maachen. Jidderee kann dat analyséieren. Ech hoffen, datt mer e gutt Gespréich doriwwer kréien, mä ech hoffen net datt dat, wat hien do geschriwwen huet, herno dat gëtt wat mer duerchsetzen, well ech mengen, dat géif dem Tourismus hei am Land net profitéieren.

Ech soen Iech da merci, datt Der esou vill Gedold hat. Ech soen Iech virun allem merci, datt Der allerguer bereet sidd dëse Fënnefjoresplang ze stëmmen. Ech mengen, doduerch kréie vill Leit, déi investéiere wëllen an d'Zukunft vun Tourismus, Bäihëllefen déi se brauche fir dat kënne gutt ze maachen.

De Qualitéitstourismus soll gefördert ginn an ech menge schonn, datt mer an den nächste Joren, wa mer net ze vill Krich an Terrorismus op der Welt kréien, dann och hei am Land kënnen optimistesch an d'Zukunft vum Lëtzebuerger Tourismus goen. Mir hu vill Trëmp. Den Trend vum Tourismus geet an d'kuerz Vakanzen an do hu mer ganz vill Trëmp. Wa mer déi konsequent ausspillen, da kréie mer ganz sécher och do e gudden Undeel vun deem Tourismus.

Ech wëll nach zum Schluss soen, datt den Undeel vum Tourismus an der Gesamtwirtschaft vun engem Land net nëmmen ze berechnen ass un der Zuel vun den Iwwernuechtungen. Leider Gottes gëtt oft nëmmen dorobber gekuckt. Et gi ganz vill Sue vun den Touristen hei am Land ausginn déi sech net am Iwwernuechtungssecteur erëmfannen, mä an anere Secteuren, déi ee leider Gottes net direkt moosse kann.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Den Här Garcia freet "parole après ministre."

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wär wahrscheinlech deen dommsten Deputéierten heibannen, wann ech rose wär dass vill iwwer mech geschwat gëtt. Normalerweis sinn déi meeschten Deputéierte ganz frou, dass iwwer si geschwat gëtt, ob positiv oder negativ. Mä ech muss awer aus Respekt virun der Chamber trotzdeem déi Remarque maachen, dass bei eis am Reglement steet: „…adressez-vous à la Chambre". A wann een hei iwwer eppes schwätzt, wat et eigentlech nach net gëtt, well et eréischt viru fënnef Minutten déposéiert ginn ass, da geet een dovunner aus, dass déi aner Leit och permanent Internet kucken an iergendwellech Texter liesen, déi et hei an der Chamber awer net gëtt, oder et seet een de Leit iergendeppes wou se nach net kënne wëssen ëm wat et geet.

Ech hunn och meng Riedezäit vun zéng Minutten net iwwerschratt, well ech nëmmen zu deem heite Projet geschwat hunn, awer de Minister huet seng Riedezäit ëm 240% iwwerschratt, vun deenen en e klengen Deel, muss ech zwar soen, iwwert dee Projet geschwat huet deen et eigentlech zu deem Moment nach guer net gouf. Dat wollt ech just gesot hunn. Merci.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5004 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 7 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5004.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Nico Loes) Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par Mme Nelly Stein), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mer kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Diskussioun vun der Motioun déi vun der Commission du Contrôle de l'exécuction budgétaire, opgrond vum Rapport vun de Cour des Comptes iwwert d'Finanzéierung vun den Infrastructures sociofamiliales, ugeholl gouf. D'Riedezäit ass nom Artikel 35 festgehalen. D'Wuert huet den Här Krecké.

## 5. Motion adoptée par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire suite au rapport spécial de la Cour des Comptes sur le Fonds spécial pour le financement des infrastructures sociofamiliales

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, formal wëll ech dann den Dépôt vun där Motioun maachen op déi sech gëeenegt gouf. Dofir fannt Dir fënnef Ënnerschrëften aus all Groupe politique erëm.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant qu'en date du 12 juillet 2002, la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire a été saisie par la Cour des Comptes d'un „Rapport spécial sur le Fonds spécial pour le financement des infrastructures sociofamiliales" relatif au contrôle des opérations financières de ce fonds spécial effectuées durant les exercices budgétaires 1999 et 2002;*

*- considérant que le rapport spécial a été présenté et examiné par la commission lors de plusieurs réunions;*

*- considérant que la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire a adopté un rapport sur le rapport spécial de la Cour des Comptes dans sa réunion du 25 novembre 2002;*

*- considérant que cette commission a estimé que les principales recommandations générales de son rapport devaient être communiquées au gouvernement sous forme d'une motion;*

*invite le Gouvernement à*

*- reconsidérer le rôle du service technique du Ministère de la Famille qui doit avant tout être celui d'un contrôle interne gouvernemental;*

*- revenir à l'ancien texte des conventions de construction conclues entre l'Etat et les différents organismes bénéficiaires;*

*- s'assurer que le service technique du Ministère de la Famille dispose d'agents en nombre et en qualification suffisants afin de faire face à ses obligations dans des délais raisonnables;*

*- délimiter clairement les tâches du service technique de celles de l'asbl INFOPLA, l'intervention de l'association Infopla devant se limiter à des bâtiments n'appartenant pas à l'Etat, les bâtiments appartenant à l'Etat relevant de la compétence en régie propre du Ministère de la Famille;*

*- définir les principes en matière d'assurances à respecter par les différents organismes bénéficiaires, le principe selon lequel l'Etat est son propre assureur ne pouvant jouer en l'occurrence;*

*- définir les principes en matière d'assurances à respecter par les différents organismes bénéficiaires;*

*- uniformiser les délais de garde à 15 ans pour toutes les conventions existantes ou à conclure;*

*- parfaire l'outil informatique SAP de façon à ce que non seulement la Trésorerie de l'Etat, mais aussi les gestionnaires des fonds spéciaux puissent à tout moment avoir accès tant aux données en relation avec les dépenses qu'à celles concernant les recettes;*

*- ne plus procéder à des engagements en vue de la participation à des travaux de transformation à hauteur du seuil de 7,5 millions d'euros avant le vote d'une loi spéciale, vu que le vote d'une loi spéciale est nécessaire pour la globalité des engagements financiers, et non seulement pour la tranche dépassant les 7,5 millions;*

*- inclure le mode d'offre retenu dans la convention conclue entre l'Etat et l'organisme bénéficiaire, cette convention devant par ailleurs être soumise à la Chambre des Députés et publiée dans le cadre des documents parlementaires.*

*(s.) Jeannot Krecké, François Bausch, Robert Mehlen, Jean-Paul Rippinger, Lucien Weiler.*

Et ass eng Motioun, déi zustane komm ass opgrond vu laangen Diskussiounen, déi mer an der Budgetkontrollkommissioun haten zu engem Rapport spécial vun der Cour des Comptes iwwert de Fonds spécial pour le financement des infrastructures sociofamiliales. Dee Rapport ass erauskomm a presentéiert ginn an der Kommissioun am Juli. Mir haten e puer Sitzungen doriwwer a mir hunn doropshin och ee Rapport spécial ugeholl iwwert dat wat d'Cour des Comptes do festgestallt huet. Dee Rapport spécial ass disponibel an den Documents parlementaires.

Mir hu gemengt eng Rei Recommandatiounen un d'Regierung mussen ze maachen ënner Form vun enger Motioun. Dofir hutt Dir dat virleien. Do sinn eng Rei Punkten opgezielt, déi ech kuerz erläuteren. Ech wëll net verstoppen, dass et eng Unanimitéit ginn ass zu deem heiten Text, oder villméi misst ech soen, d'Leit waren u sech d'accord mat deene Konklusiounen, déi mer hei gezunn hunn, awer och gesot ginn ass, dass zwee Passusse géinge feelen a gewënscht wär fir déi dran ze setzen, esou dass haut nach eng Kéier dat wäert virbruecht ginn.

Hei ass deen Deel vun der Motioun, deen u sech net esou kontestéiert war a wou haaptsächlech Folgendes dra steet:

Mir hu gekuckt d'Zesummespill vun deem Service technique, deen et um Niveau vun dem Ministère de la Famille gëtt, an deen haaptsächlech sech mam Contrôle interne soll ofginn. Mir hu gekuckt d'Zesummespill mat INFOPLA, wat eng A.s.b.l. ass, déi och ähnlech Tâchen huet wéi de Service technique, an hu probéiert d'Aktiounsfeld vun deem engen an deem aneren ze délimitéieren. Et ass dat, wat mer der Regierung hei wëllen noleeën.

Mir hunn zweetens festgestallt, dass et Problemer gëtt mat den Assurancen an hunn d'Ministesch opgefuerdert, si soll Virschrëfte maachen un d'A.s.b.l.en. Do ware beispillsweis Saache geklaut ginn an et ware keng Assurancen drop. Dunn huet de Ministère agegraff fir dat ze iwwerhuelen, esou dass mer gesot hunn, ee Minimum vun Assurancë missten déi A.s.b.l.en dann awer och selwer kënnen zeechnen, sou dass mer den zweeten Haaptpunkt an der Regelung vun den Assurancë gesinn.

Drëtte Punkt: D'Cour des Comptes huet festgestallt, dass eng Rei Dokumenter net méi disponibel waren, déi se wollten nokucken, esou dass mer proposéieren den Délai de garde op 15 Joer eropzesetzen.

Mir hunn och fonnt, dass Gestionnairë vun de Fonds spéciaux net ëmmer Accès hätten op den Outil informatique SAP, dee wichteg ass fir d'Dépensen an d'Recettë vun de Fongen ze kontrolléieren, an dass deen Accès misst garantéiert ginn.

Mir hunn an engem fënnefte Punkt kloer gemaach, dass eng Praxis, déi net nëmmen an dësem Fall mä och an anere Fäll sech gewisen huet, endlech misst ophéieren, nämlech déi dass Suen engagéiert ginn, och bei Projeten déi iwwer déi 7,5 Milliounen Euro erausginn, an dass am Fong geholl eréischt gestoppt gëtt wann et doriwwer eraus sollt goen. E Projet ass ee Ganzt, hu mer gesot, an e Projet soll eréischt démarréieren, wann och d'Chamber dozou iwwer eng Loi spéciale hir Autorisatioun ginn huet.

Schlussendlech de Mode d'offre dee gewielt ginn ass, well et sech hei ëm e Concours financier handelt, deen de Ministère eenzelnen Institutiounen, A.s.b.l.e gëtt. Zum Beispill bei engem Hospice civil, deen eng Soumissioun gefrot huet, hätt missen den Text iwwert den Offermodus bäileien, deen an der Konventioun zréckbehalen ass, wann d'Chamber doriwwer jugéiert.

Ech géif am Numm vun der Kommissioun déi eenzel Kommissioune bieden, wann ech gelift déi eenzel Konventiounen, déi un deem Projet de loi jeweils heften, genau ze kucken, well dann hätt souwuel d'Chamber wéi och de Conseil d'Etat kënne feststellen, dass mir op eemol un deem Projet de loi, dee virgeluecht ginn ass, nach Modifikatioune gemaach hunn, déi absolut net am Aklang ware mat deem wat u sech an der Konventioun war, Konventioun déi mer awer net disponibel haten, mä déi awer och vläicht net deementspriechend gekuckt gi wier. Dofir de Wonsch un d'Regierung, endlech dee Mode d'offre an déi Konventioun drun ze hänken, an op där anerer Säit awer un d'Kommissiounen, dass déi solle kucken, wa se esou eppes virleien hunn, ob dat conforme ass, an net op eemol Amendementer proposéieren, déi an eng ganz aner Richtung ginn.

Voilà, Här President, dat ass den Inhalt vun deene Recommanda-

tiounen op déi mer eis konnten eenegen. Ech weess dass mäi Fraktiounskolleeg Ben Fayot déi aner Punkte kuerz wëllt évoquéieren op deenen et leider keng Majoritéit ginn ass.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jean-Paul Rippinger.

***Discussion générale***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Wann ech schonn d'Wuert kréien, da soen ech och eppes, Här President. Mir hunn eisen Numm ënnert déi Motioun do gesat. Et ass esou wéi de President vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et elo hei erläutert huet, dass dat do en Text ass op dee mir eis konnten eenegen. Zu dësem Zäitpunkt brauch ech net méi ze soe wéi dass mer déi Motioun stëmmen.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Ech hu mech hei un d'Reiefolleg gehalen. D'Wuert huet den Här Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, e Wuert zur Motioun, déi den Här Krecké elo just presentéiert huet.

Den Här Krecké war vun esou enger brutaler Ausféierlechkeet, dass mir mat ganz rouegem Gewëssen déi Motioun do wäerte stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, effektiv, wéi den Här Krecké et duergestallt huet, huet d'Kommissioun vum Contrôle de l'exécution budgétaire ee Rapport vum Här Alexandre Krieps diskutéiert iwwert de Rapport spécial vun der Cour des Comptes iwwert de Fonds spécial pour le financement des infrastructures sociofamiliales, ënnert der Schirmherrschaft vun der Madame Minister Jacobs, déi dofir haut hei eis.

Ech wëll iwwregens d'Geleeënheet ergräifen, well mer jo net oft d'Geleeënheet hunn an der Plénière iwwert déi Saachen ze schwätzen, fir ze soen dass déi Rapportë vun der Cour des Comptes iwwer esou prezis Elementer vum staatleche Fonctionnement excellent Geleeënheete sinn, fir wierklech an d'Déift vun dem Fonctionnement vun onsem Stat ze kucken, ob dat elo Etablissements publics sinn, ob et zum Beispill eng prezis Etüd iwwer eng prezis Analys vun engem Fong ass. Dat ass wierklech eng Plus-value fir onst Gemeinwesen, wat do vun der Cour des Comptes kënnt.

Ech wëll och soen, dass d'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire jo eigentlech eng éischter technesch Kommissioun ass, déi probéiert iwwert d'Parteigrenzen ewech, och iwwert d'Grenze vun der Oppositioun an der Majoritéit ewech, d'Realitéit vun de Faiten ze kucken.

Am Rapport vum Här Alexandre Krieps iwwert de Rapport vun der Cour iwwert de Fonds spécial pour le financement des infrastructures sociofamiliales ass dat och grosso modo gelongen. Déi Motioun, déi mer hei virleien hunn, spigelt zum groussen Deel dat widder, wat am Konsens vun der Kommissioun fonnt ginn ass.

Mir haten ons sengerzäit an der Kommissioun bei där Motioun als Oppositioun enthalen, net well mer elo iwwert d'Motioun a sech Divergenzen hätten, mä well mer bemängelt hunn, dass zwee wichteg Punkten net an där Motioun dra waren an och net am Rapport vun der Kommissioun zréckbehale gi sinn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Dat betrëfft besonnesch d'Renovatiounsaarbechte vun der Schoul Ste Anne zu Ettelbréck engersäits, an anerersäits d'Renovatiounsaarbechten am Hospice civil vum Pafendall.

An der Schoul Ste Anne zu Ettelbréck huet d'Cour des Comptes monéiert, dass do néng Klassesäll, een Direktiounsbüro, ee Sekretariatsbüro an zwee weider Büroe fir d'Schoul destinéiert waren an also à ce titre net éligibel ware fir de Fong au titre vun Infrastructures sociofamiliales. Dat géif 20 Milliboune Frang ausmaachen an déi missten also vum Ste Anne un de Stat zréckbezuelt ginn.

Bei dem Hospice civil ass constatéiert ginn, dass de Stat 80 Milliounen un den Hospice civil vun der Stad Lëtzebuerg verséiert huet, déi net a Relatioun gewiescht wäre mat deem Montant, dee fir dee Projet de transformation éligibel war. Doropshin ass an der Kommissioun eng laang Diskussioun entstanen, ob dat dann esou wär. Schlussendlech huet d'Majoritéit gesot, dass besonnesch déi 20 Milliboune vum Pensionnat Ste Anne net bräichten erëmbezuelt ze ginn, an dat ass och esou am Rapport aktéiert.

Fir ze weisen, dass mir op jidde Fall als sozialistesch Membere vun der Kommissioun an och aner Membere vun der Oppositioun mat där Manéier net d'accord ware fir dat esou ze gesinn, wollt ech hei eng Resolutioun virbréngen, wou nach eng Kéier rappeléiert gëtt, dass d'Chamber dat an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire diskutéiert huet an dass se décidéiert, dass eben am Kader vun der Renovatioun vum Pensionnat Ste Anne „d'un stricte point de vue légal" - esou wéi d'Texter sinn - déi Zomme fir d'Schoullokalitéiten „indûment perçues" wären, wéi et hei steet, an also missten dem Trésor public zréckgi ginn, an dass op där anerer Säit bei der Transformatioun vum Hospice civil vum Pafendall fir d'éischt emol misst vum Ministère de la Famille a vun der Cour des Comptes prezis festgeluecht ginn, wat „dépenses non révisables" sinn a wat fir Dépensë kënnte revidéiert ginn, an dass dann eréischt kéint festgeluecht gi wat fir e Montant adaptéiert kéint ginn un de Präisindex.

Dat sinn déi zwou Constatatiounen, déi mer zréckbehalen hunn aus der Diskussioun vun der Kommissioun, wou mir als Oppositioun der Meenung waren, dass se esou missten an de Rapport an och an d'Motioun kommen. Dofir déi Resolutioun hei, déi ech hei dem Här President iwwerreechen.

Ech soen Iech merci.

***Résolution 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant qu'en date du 12 juillet 2002, la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire a été saisie par la Cour des Comptes d'un „Rapport spécial sur le Fonds spécial pour le financement des infrastructures sociofamiliales" relatif au contrôle des opérations financières de ce fonds spécial effectuées durant les exercices budgétaires 1999 et 2002;*

*- considérant que le rapport spécial a été présenté et examiné par la commission lors de ses réunions des 18 juillet, 16 septembre et 14 octobre 2002;*

*- considérant que la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire a adopté un rapport sur le rapport spécial de la Cour des Comptes dans sa réunion du 4 novembre 2002;*

*- considérant que cette commission a estimé que les principales recommandations générales de son rapport devaient être communiquées au Gouvernement sous forme d'une motion;*

*décide*

*- que dans le cadre de la rénovation du pensionnat Ste Anne, d'un strict point de vue légal, les sommes destinées aux locaux de l'école sont indûment perçues par le maître de l'ouvrage et devraient être restituées au Trésor public;*

*- que dans le cadre de la transformation de l'hospice civil de Pfaffenthal, le Ministère de la Famille et la Cour des Comptes doivent définir d'un commun accord quelles sont les dépenses non révisables et quelles sont les dépenses soumises à révision. Le montant global, figurant dans la loi, peut être adapté à l'indice des prix en fonction de la partie révisable des dépenses.*

*(s.) Ben Fayot, François Bausch, Jeannot Krecké, Robert Mehlen, Jos Scheuer.*

M. le Président.- Den Här François Bausch freet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wollt just soen, dass och den Här Fayot am Numm vun der Oppositioun dat excellent an exemplaresch erkläert huet, wou d'Divergenze leien, an dass et natierlech fir eis kloer ass, datt mer déi Résolutioun hei stëmmen.

M. le Président.- Freet soss nach een d'Wuert?

***(Interruption)***

Den Här Weiler freet d'Wuert nach eng Kéier.

Une voix.- Hie wäert sech uschléissen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Deemno wat natierlech den Här Weiler elo seet, musse mer vläicht nach eng Kéier d'Wuert froen.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Positioun vun der Oppositioun zu dëser Resolutioun ass elo duergeluecht ginn. Ech wäert versichen an e puer Wierder ze erklären, firwat dass d'Majoritéit déi Resolutioun hei net ka stëmmen.

Den Här Fayot huet effektiv hei duergeluecht, wou d'Problematik war. Et ass an deene leschte Méint dach awer relativ vill Polemik och ëm deen Dossier hei gemaach ginn. Et ass vill an den Zeitunge bericht ginn iwwert dat, wat an eiser Kommissioun un Aarbecht gemaach ginn ass. Et ware Saachen dobäi, déi richteg waren. Et ware Saachen dobäi, déi falsch sinn. Dofir ass et gutt, wa mer vläicht awer an dräi Wierder nach eng Kéier hei soen ëm wat et geet, fir dass d'Leit dobaussen dat och verstoe kënnen.

D'Schwëstere vun Ettelbréck aus dem Pensionnat Ste Anne hate geplangt en neit Internat ze bauen. Se wollten en neit Internat bauen. Si si mat deem Wonsch un d'Ministesch erugetrueden. D'Ministesch huet awer gemengt, dass bei deem Käschtepunkt, deen dat géif mat sech bréngen, ronn enger Milliard, et dach awer vläicht ze iwwerleeë wär, ob et net am Kader vun deene bestehende Gebailechkeete kéint zu Ëmstrukturéierunge kommen, fir e modernt Pensionnat am Kader vun deem ale Pensionnat ze installéieren.

Dat ass gegléckt. Et ass mat engem Käschtepunkt vun 200 Milliounen duer gaange fir dat, wat d'Schwësteren en fin de compte gäre gehat hätten, a wat och eiser Zäit entsprécht, ze maachen. Amplaz eng Milliard auszeginn, huet d'Familljeministesch optéiert fir e Projet, deen 200 Milliounen...

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Wou kommt Dir un déi eng Milliard? Déi war awer ni an der Diskussioun déi Milliard do.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ma jo dach, d'Madame Familljeminister huet eis gesot, dass bei deem...

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Dat war awer keng Milliard.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- ...wat u Wonsch vun de Schwëstere fir en neit Internat erugedroe gi war u si, si an hir Leit gerechent hätten, dass dat kéint an der Héicht vun enger Milliard sech bewegen. Ob dat elo 900 Milliboune gewiescht wären? Wou et hei drop ukënnt ass, dass bei deem Projet, deen hei zréckbehale ginn ass...

***(Interruption)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Et war ee Chiffer um Dësch an dat ware 700 Milliounen.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Jo, dat war virdrun, dat war wéi mer...

***(Brouhaha général)***

Une voix.- Dem Här Weiler kënnt et net op e puer un.

M. le Président.- Fuert weider, Här Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ech weess, Här President, dass et bei de Sozialisten och schonn emol Momenter gouf, wou et ëm 500 Milliboune méi oder manner net direkt ukomm ass.

Ech fannen, dass dat hei eng richteg Décisioun war vun der Familljeministesch, fir net e Projet, dee 700 Milliounen oder eng Milliard kascht hätt, duerchgoen ze loossen, mä e Projet vun 200 Milliounen, mat deem ënnert dem Stréch datselwecht Zil erreecht ginn ass.

Elo kënnt dann déi grouss Diskussioun, well dee Projet praktesch mat sech bruecht huet, dass op där enger Säit en Deel vun der bestehender Schoul huet mussen an d'Internat integréiert ginn, mä bestehend Schoulsäll, déi an d'Internat integréiert gi sinn, awer op där anerer Säit hu misse bestoe bleiwen. Et war dann d'Fro, ob am Kader vun där doter Operatioun, am Kader vun deem globale Projet, dee mer do haten, et rechtens war oder net, dass déi 20 Milliounen, déi déi néng Schoulsäll an déi zwee Büroe kascht hunn, elo finanzéiert gi sinn iwwert de Fong vun de sozio-familiairë Strukturen.

Här President, d'Madame Minister huet ëmmer d'Meenung vertrueden, a mir hu se doranner suivéiert, dass et sech hei ëm e globale Projet gehandelt huet. Et huet sech hei net ëm e Projet gehandelt am Sënn vum Gesetz vun 1982, wou et ëm d'Subsidiéierung oder d'Net-Subsidiéierung vu Privatschoule geet, mä et goung hei ëm e globale Projet vun der Renovatioun vun engem Internat. Et war e Projet, deen net divisibel ass. Et war e Projet indivisible, deen ee globaalt Konzept duergestallt huet. Deementspriechend, mengen ech, war et och normal, dass dee ganze Projet, opgrond vun deenen Dispositiounen déi an deem Fong do sinn, finanzéiert ginn ass.

De But vum Gesetz vun 1982 ass, dass Strukture wéi déi dote Schoulstrukturen net vum Stat kënne subsidiéiert ginn - obschonns dat emol guer net esou prezis aus dem Gesetzestext ervirgeet, mä mir hunn en awer ëmmer esou interpretéiert a mir waren och ëmmer der Meenung, dass et esou sollt sinn. Well et sech awer hei net ëm esou Schoulsäll gehandelt huet, mä ëm e globale Projet vun engem Internat, hu mer gemengt dass ee bei deem doten, och du point de vue strictement légal, wéi den Här Fayot sech a senger Resolutioun ausdréckt, wierklech esou gutt déi eng wéi déi aner Meenung ka vertrieden.

Dofir gesinn ech net wéi een am Geringsten, au vu vun deem éischten Argument, wat ech développéiert hunn, vun de 700 Milliounen oder den 200 Milliounen - an d'Madame Minister huet fir déi bëllegst Solutioun optéiert -, an zweetens opgrond vun den Interpretatiounen, déi een hei ka ginn, awer och nëmmen de Soupçon vun engem Reproche à l'adresse vun der Ministesch kéint riichten.

Ech mengen och, dass d'Aart a Weis wéi d'Oppositioun, déi zwar hei hir Interpretatioun huet - an dat ass hiert gutt Recht - en fin de compte awer mat deem Dossier do ëmgaangen ass, dass mer ënnert dem Stréch awer alleguerte kënne mateneen zefridde sinn, dass mer haut e Projet hunn, deen net extra deier ginn ass. Op jidde Fall de loin net esou deier wéi en et ufanks war.

Op där anerer Säit, du point de vue légal, Här President, och wann een do kann anerer Meenung sinn, ass eis Meenung an eis Interpretatioun esou gutt berechtegt wéi déi déi den Här Fayot hei a senger Resolutioun ausdréckt, entsprechend si mer eis iwwert dat, wat ënnert dem Stréch eraus komm ass, alleguerte matenee gemeinsam eens.

Mä aus deene Grënn, déi ech duergeluecht hunn, Här President, deet et mer ganz Leed, dass d'Majoritéit d'Resolutioun vum Här Fayot net ka stëmmen.

Une voix.- Et deet Iech guer net Leed!

M. le Président.- Mir stëmmen dann elo of iwwert…

***(Interruption)***

Ja?

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här President, ech muss awer, fir déi ze kompletéieren, trotzdeem zwou Saache soen, ouni hei eng Polemik wëlle vum Stapel ze loossen.

Dat éischt ass - dat do ass jo net d'Meenung vun der Majoritéit an d'Meenung vun der Oppositioun gewiescht, dat eent an dat anert: Wat mir hei vertrieden, dat ass d'Meenung vun der Cour des Comptes. D'Cour des Comptes huet festgestallt dass dat do net rechtens ass an dass misst zréckbezuelt ginn. D'Cour des Comptes, esou wäit ech weess, sëtzt net an der Oppositioun. D'Oppositioun huet sech enger Institutioun ralliéiert, déi par ailleurs bis elo, mengen ech, beschäinegt krut datt se anstänneg Aarbecht géif maachen. An déi huet dat do gesot an d'Oppositioun huet sech där ralliéiert. An d'Majoritéit huet, aus Gott weess welleche Grënn, sech där Saach net ralliéiert.

Ech wollt dat awer kloer an däitlech ënnersträichen, dass mir net hei aus heiterem Himmel zu där doter Konklusioun komm sinn, sondern no laangen Diskussiounen. An ech muss soen, déi Meenung déi den Här Weiler zweetens elo hei geäussert huet, dass mer alleguerte frou wieren dass dat esou gaangen ass, dat ass guer net de Fall. Well ech wëll drop verweisen, dass mer och an der Majoritéit d'Leit haten déi guer net där doter Meenung waren.

Plusieurs voix.- Oh! Ah!

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Ech wëll hei keng Polemik vum Stapel loossen, mä esou war dat do jo net. Et waren esouguer Leit an der Majoritéit déi guer net där doter Meenung waren.

Une voix.- Si ware gefesselt an ugestréckt.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- An dat eenzegt wat ech wëll festhalen, Här President, dat ass, dass eis Approche an dësem Dossier eng aner war wéi vu munch anere Fraktiounen an Dossieren déi mer virdru kannt hunn, an ech erënnere mech un d'Commission spéciale Santé vun 1998, do war d'Approche eng aner. Mir haten hei eng, wou ech vu mengen eegene Kolleegen heiansdo gesot kritt hunn: „Du häss missten esou virgoe wéi si virgaange sinn 1998 an der Commission spéciale."

Une voix.- Dat ass net einfach mat eis.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Ech krut Virwërf gemaach an ech wëll lech awer just soen,…

Une voix.- Den Här Krieps huet datselwecht…

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- …dass mer hei eng responsabel Haltung geholl hunn, awer net der Meenung waren dass dat do richteg ass, a mir bleiwen der Meenung dass et net richteg ass. Ech wollt dat awer kloerstellen. Well hei huet dat op eemol ausgesinn, wéi wa mir do alleguerten där doter Meenung waren, dat ass net de Fall. An ech wëll virausschécken, d'Cour des Comptes war enger ganz anerer Meenung a mir hu just der Cour des Comptes gefollegt. C'est tout!

Une voix.-Très bien.

M. le Président.- An elo stëmme mer of. Da gesi mer wien dofir ass a wien dergéint ass.

Une voix.- An den Här Krieps ass nach ëmmer mam Maulkuerf ënnerwee.

***Motion 1***

M. le Président.- Also mer stëmmen of iwwert d'Motioun, déi vum Här Krecké abruecht ginn ass.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm an enger Abstentioun.

Da komme mer zur Resolutioun. Ass do e Vote électronique verlaangt?

***(Assentiment)***

***Résolution 1***

Mir stëmmen dann elo iwwert d'Resolutioun of.

***Vote***

Déi fir d'Resolutioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Resolutioun ass verworf mat 31 Nee-, 27 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: M. Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Patrick Santer), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par Mme Nelly Stein), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers) et Lucien Weiler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jeannot Belling) et John Schummer.*

*S'est abstenu: M. Alexandre Krieps.*

Domat wier de Punkt erleedegt.

***(Brouhaha général)***

Une voix.- Dir hat bei der Motioun e Vote secret gedréckt. Mir hunn d'Nimm net vun deenen déi Jo an Nee gestëmmt hunn. Dir hutt de falsche Knäppche gedréckt.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Da musse mer et nach eng Kéier widderhuelen. Déi éischt Motioun?

Une voix.- Déi éischt Motioun musse mer widderhuelen, Dir hat de Secret gedréckt.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Also, Dir Dammen an Dir Hären, berouegt lech. Mir mussen de Vote widderhuelen. Hei war eppes schief gelaf.

Plusieurs voix.- Ah! Oh!

***(Hilarité et interruptions)***

M. le Président.- Also iwwert d'Motioun muss frësch ofgestëmmt ginn.

Une voix.- Här President, hei ass eppes dat net ugewisen huet.

M. le Président.- Ma jo, mir sinn amgaangen dat ze korrigéieren.

***(Brouhaha général)***

***Motion 1***

Also mer stëmmen of iwwert d'Motioun, déi den Här Krecké erabruecht huet.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm an enger Abstentioun.

Une voix.- Wéi, wéi? Neen, dat do kann dach net sinn. Ech hu keng Procuratioun.

***(Interruptions diverses)***

Plusieurs voix.- Dat do kann net sinn.

Une voix.- Madame Minister, haalt endlech op domadder. Dir sidd amgaangen hei dofir ze suergen, dass näischt zustane kënnt.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Um Resultat ännert et net vill, mä ech si mat lech d'accord dass mer den Apparat genau sollen ëmstellen. Mä d'Resultat als solches steet fest.

Do gesitt Dir, d'Elektronik ass ni esou perfekt, dass net och emol e Feeler ka virkommen.

***(Interruptions diverses)***

Sou, also mer stëmmen dann awer elo eng leschte Kéier driwwer of.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Laurent Mosar), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Nelly Stein), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Lucien Weiler);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*A voté non: M. Nico Loes.*

*S'est abstenu: M. Alexandre Krieps.*

Plusieurs voix.- Ah!

M. le Président.- Dee Punkt ass elo ofgeschloss a mer kéimen zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung.

***(Hilarité et interruptions)***

Mir hunn d'Resolutioun dach virdrun ofgestëmmt.

Une voix.- Jo, mä déi ass jo och falsch.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Neen, neen, déi ass scho richteg.

***(Hilarité et interruptions)***

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Si gefält eis nach net.

M. le Président.- Also, mir fueren elo weider. Mir kommen op de leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung an dat sinn d'Naturalisatiounen.

## 6. Naturalisations

Fir d'Naturalisatioune muss ech de Huis clos ausschwätzen.

De Huis clos ass ausgeschwat.

* * *

De Huis clos ass erëm opgehuewen an déi öffentlech Sëtzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 85 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. An esou wéi d'Gesetz…

***(Brouhaha général)***

Ech géif lech bieden nach ee Moment ze waarden.

An esou wéi d'Gesetz vum 7. Juli 1989 iwwert d'Nimm a Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtze buerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat 5 Ännerunge vun Nimm a Virnimm averstanen erkläert.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 30 janvier 2003

ALBERGO Giovanni, né le 19 août 1959 à Ceglie del Campo (Italie), demeurant à Diekirch

ALVARO MONTEIRO Antonio, né le 20 mars 1963 à Santo Crucifixo (Cap Vert), demeurant à Luxembourg

ANTUNES MARTINS Suzanne, née le 18 septembre 1973 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Biwer

BAIG Shazada Nasim, né le 3 mars 1954 à Lahore (Pakistan), demeurant à Luxembourg

MIAN Farzana Shamim, née le 5 soût 1961 à Lahore (Pakistan), demeurant à Luxembourg

BEI Fabrizio, né le 10 juin 1967 à Differdange, demeurant à Differdange

VIRGILI Annabella, née le 17 octobre 1962 à Differdange, demeurant à Differdange

BORGES SANCHES Felisberto, né le 15 mars 1965 à Santa Catarina (Cap Vert), demeurant à Luxembourg

DA SILVA ROBALO Maria Jesus, née le 17 novembre 1969 à Santa Catarina (Cap Vert), demeurant à Luxembourg

BORREGA PALMEIRO Andrelino Antonio, né le 27 novembre 1969 à Expectaçao/Campo Maior (Portugal), demeurant à Troisvierges

CARDUCCI Rosanna, née le 6 janvier 1947 à Gubbio (Italie), demeurant à Sanem

CASAMASSIMA Anna, née le 1er jun 1972 à Luxembourg, demeurant à Kleinbettingen

CHAN Be Ling, né le 4 octobre 1967 à Vilvoorde (Belgique), demeurant à Esch-sur-Alzette

HUANG Ling-Chen, née le 6 décembre 1969 à Changhua (Taiwan), demeurant à Esch-sur-Alzette

CIVERA Joëlle Claudine, née le 9 avril 1970 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Belvaux

CUBRILO Stevan, né le 10 août 1975 à Pétange, demeurant à Luxembourg

D'ANGELO Fernando, né le 25 octobre 1961 à Roccamorice (Italie), demeurant à Gilsdorf

DA LUZ Arlindo Antonio, né le 26 octobre 1966 à Sao Joao Baptista/Porto Novo (Cap Vert), demeurant à Luxembourg

DA SILVA PEIXOTO Susana Maria, née le 27 avril 1974 à Povoa de Lanhoso (Portugal), demeurant à Tétange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de DA SILVA Susanna.

DA SILVA PINTO Ana Cristina, née le 7 février 1972 à Castro Daire (Portugal), demeurant à Kayl

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de PINTO Ana Cristina.

DE ARAUJO GOMES José Antonio, né le 1er mai 1976 à Lavelanet (France), demeurant à Aspelt

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de GOMES José Antonio.

DETHIS Jean François Ernest Jules Ghislain, né le 9 avril 1959 à Liège (Belgique), demeurant à Colmar-Berg

DI STEFANO Dominique, né le 12 avril 1967 à Longwy (France), demeurant à Schifflange

DIENG Dado, née le 19 août 1975 à Dakar (Sénégal), demeurant à Lamadelaine

DOYEN Paule Léonie Henriette Blanche Lambertine, née le 9 novembre 1955 à Liège (Belgique), demeurant à Differdange

EGGERMONT René Joseph Gaston, né le 1er octobre 1956 à Romilly-sur-Seine (France), demeurant à Bastendorf

GOMEZ FERNANDEZ Ramon, né le 2 juillet 1960 à Llinas (Espagne), demeurant à Luxembourg

GONÇALVES FERNANDES Paulo Jorges, né le 17 septembre 1970 à Ettelbruck, demeurant à Colmar-Berg

GRÜBLER Rolf Werner, né le 26 juillet 1944 à Freiburg im Breisgau (Allemagne), demeurant à Christnach

GUIMARAES GONÇALVES Suzéte, née le 6 octobre 1972 à Luxembourg, demeurant à Strassen

HOLDERER Jürgen, né le 9 octobre 1939 à Mosbach (Allemagne), demeurant à Mondorf-les-Bains

HYSENI Ruzhdi, né le 15 mai 1951 à Oshlane (Yougoslavie), demeurant à Luxembourg

CERMENIKA Nevrije, née le 25 mars 1961 à Radolista (Macédoine), demeurant à Luxembourg

IBISI Aferdita, née le 20 juin 1972 à Mitrovica/Kosovo (Yougoslavie), demeurant à Luxembourg

JEMAL OMER Ali, né le 2 mars 1967 à Wollo/Dessie (Ethiopie), demeurant à Hautcharage

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de OMER Alex.

LAZZARA Anita, née le 26 septembre 1956 à Differdange, demeurant à Kayl

LEMAIRE Bernard Jean, né le 7 septembre 1962 à Mexy (France), demeurant à Differdange

LHOIR Dominique Rita Marie, née le 6 février 1953 à Schaerbeek (Belgique), demeurant à Baschara-ge

LI PUMA Giuseppe, né le 1er janvier 1947 à Petralia Sottana (Italie), demeurant à Pettingen

QUEZADA FLORENCIO Mariana Paulina, née le 1er juin 1957 à Santo Domingo (République Dominicaine), demeurant à Pettingen

LIANG Shei Chow, né le 10 août 1965 à Kalimpong (Inde), demeurant à Luxembourg

CHEN Su Lan, née le 24 mai 1971 à Calcutta (Inde), demeurant à Luxembourg

LIKET VANDJI Cécile, née le 22 juin 1976 à Libreville (Gabon), demeurant à Mamer

LIMBERG Dagmar, née le 14 janvier 1962 à Krefeld (Allemagne), demeurant à Niederwampach

LONIEN Elisabeth, née le 10 juillet 1921 à Weydig, demeurant à Dudelange

LOUREIRO PEREIRA Fernando, né le 21 avril 1969 à Rio Caldo/Terras de Bouro (Portugal), demeurant à Kayl

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de PEREIRA Fernando.

MARCIC Vojin, né le 15 octobre 1951 à Jagodnja Gornja/Benkovac (Croatie), demeurant à Pétange

MARTE VASQUEZ Evaristo Alejandro, né le 6 mai 1974 à La Vega (République Dominicaine), demeurant à Luxembourg

MARTINS CABRAL Antonio, né le 13 décembre 1966 à Santa Catarina (Cap Vert), demeurant à Luxembourg

VAZ TAVARES Genoveva, née le 25 juillet 1970 à Praia (Cap Vert), demeurant à Luxembourg

MATIC Dragisa, né le 30 mai 1934 à Milosevac (Yougoslavie), demeurant à Bissen

NIKOLIC Radmila, née le 16 janvier 1934 à Lozovik (Yougoslavie), demeurant à Bissen

MENDES FURTADO Nolasco, né le 3 mai 1937 à Santa Catarina (Cap Vert), demeurant à Luxembourg

MUTLU Murat, né le 5 mars 1972 à Eminönü (Turquie), demeurant à Strassen

MYSORE Venkata Rama Kumar, né le 18 août 1953 à Bangalore (Inde), demeurant à Roodt-sur-Syre

DHARMASENA Shamalie, née le 22 août 1958 à Anuradhapura (Sri Lanka), demeurant à Roodt-sur-Syre

NARAMSKI Françoise Jacqueline Léontine, née le 26 juillet 1956 à Butgenbach-Weywertz (Belgique), demeurant à Bertrange

NEGOSANTI Marino, né le 27 octobre 1963 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Esch-sur-Alzette

OLAGNY Frank Léon Maurice Ghislain, né le 24 janvier 1968 à Arlon (Belgique), demeurant à Bettembourg

PARISOT Frédérique Lise Isabelle, née le 5 octobre 1979 à Thionville (France), demeurant à Schifflange

PICCARRETA Thierry Antoine Rodolphe, né le 9 avril 1962 à Algrange (France), demeurant à Ettelbruck

PIGNOLONI Antonella, née le 18 octobre 1967 à Differdange, demeurant à Differdange

PUCHER Patricia Myriam Joëlle, née le 17 novembre 1963 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Soleuvre

RICHTER Michèle Madeleine Marguerite, née le 23 juillet 1949 à Metz (France), demeurant à Luxembourg

RINALDETTI Fernand Benedetto, né le 21 décembre 1958 à Dudelange, demeurant à Dudelange

SALJIHAJ Sukri, né le 19 mars 1968 à Kosovska Mitrovica (Yougoslavie), demeurant à Mersch

IBRAHIMI Valjbone, née le 5 septembre 1970 à Oslare/Bujanovac (Yougoslavie), demeurant à Mersch

SMAILOVIC Sabit, né le 10 février 1964 à Rovine/Gradiska (Yougoslavie), demeurant à Luxembourg

KADIC Rifa, née le 23 octobre 1974 à Gradiska (Yougoslavie), demeurant à Luxembourg

SOUSA Inacia Virginia, née le 1er février 1947 à Sao Joao Baptista/Porto Novo (Cap Vert), demeurant à Ettelbruck

SPINIELLO Marco Pietro Francesco, né le 17 décembre 1965 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Soleuvre

STARK Barbara Hildegard, née le 20 avril 1953 à Münster (Allemagne), demeurant à Dudelange

STOILKOVSKA Guga, née le 22 octobre 1963 à Dulica (Macédoine), demeurant à Luxembourg

SUN Tinglong, né le 29 octobre 1953 à Zhejiang (Chine), demeurant à Esch-sur-Alzette

THIRY Michel André Alfred, né le 1er août 1956 à Charleroi (Belgique), demeurant à Hoffelt

VAN RENTERGHEM Yves Jean, né le 16 avril 1965 à Gent (Belgique), demeurant à Luxembourg

VARGIOLU Giovanna, née le 6 août 1956 à Jerzu (Italie), demeurant à Esch-sur-Alzette

VASIC Borka, née le 30 octobre 1949 à Gornji Brodac (Yougoslavie), demeurant à Esch-sur-Alzette

VIDALE Graziella Nadia Lucia, née le 13 décembre 1973 à Luxembourg, demeurant à Luxembourg

VIEILLEVOYE Stéphanie, née le 27 décembre 1982 à Verviers (Belgique), demeurant à Clemency

WEBER Michèle Esther Marie-Christine, née le 26 décembre 1953 à Goma (R.D. du Congo), demeurant à Itzig

WINIARSKI Tomasz Remigiusz, né le 1er octobre 1958 à Kielce (Pologne), demeurant à Howald

WU Yin Ki, né le 4 août 1953 à Hong Kong (Chine), demeurant à Mersch

YAGBASAN Fehime, née le 1er janvier 1963 à Bafi/Sulak (Turquie), demeurant à Luxembourg

YEGANEH MANESH Sheyda, née le 9 août 1966 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg

Dir Dammen an Dir Hären, domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Ech soen Iech merci an d'Sitzung ass opgehuewen.

Une voix.- Très bien, Monsieur le Président.

***(Fin de la séance publique à 18.28 heures)***

**MARDI, 11 FÉVRIER 2003**

# 27E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Jean Asselborn, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Communications
3. Ordre du jour
4. Dépôt d'une motion
5. Ordre du jour *(suite)*
6. Heure de questions au Gouvernement
   - Question 269 de M. Jean Asselborn relative à la position actuelle du gouvernement luxembourgeois au sujet du conflit avec l'Irak

   traitée conjointement avec la
   - Question 270 de M. Jacques-Yves Henckes relative à l'aide militaire de l'OTAN à la Turquie
   - Question 271 de M. Ben Fayot sur le rapport de l'ancien secrétaire général du Ministère des Affaires étrangères, M. Alphonse Berns, concernant le fonctionnement du ministère

   traitée conjointement avec la
   - Question 272 de M. Jacques-Yves Henckes relative au rapport respectivement la note de décembre 2002 de l'ancien Secrétaire général du Ministère des Affaires étrangères
7. Motion de Mme Renée Wagener concernant la recherche historique sur la Seconde Guerre mondiale

   Motion de Mme Renée Wagener relative aux personnes portées disparues en Europe de l'Est pendant la Seconde Guerre mondiale

   *(Discussion générale - Vote)*
8. Motion de M. Ben Fayot relative à l'Ecole européenne et au Centre polyvalent de l'enfance

   *(Discussion générale - Vote)*
9. 5035 - Proposition de révision des articles 51, paragraphe (6) et 52, alinéa 3 de la Constitution

   *(Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle - Discussion générale - Lecture du texte de la proposition de révision - Vote sur l'ensemble de la proposition de révision de l'article 51, paragraphe (6) de la Constitution et de l'article 52, alinéa 3 de la Constitution et dispense du second vote constitutionnel)*
10. 4967 - Projet de loi portant approbation
    - de la Constitution de l'Union internationale des télécommunications et de son annexe ainsi de la Convention de l'Union internationale des télécommunications et de son annexe, signées à Genève le 22 décembre 1992, telles qu'amendées par les Conférences de plénipotentiaires de l'Union internationale des télécommunications à Kyoto, le 14 octobre 1994 et à Minneapolis, le 6 novembre 1998;
    - des résolutions, décisions et recommandations faisant partie des Actes finals de la Conférence de plénipotentiaires additionnelle de l'Union internationale des télécommunications (Genève 1992) et des Conférences de plénipotentiaires de l'Union internationale des télécommunications de Kyoto (1994) et de Minneapolis (1998)

   *(Rapport de la Commission des Media et des Communications - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
11. 4788 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération culturelle entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Maurice, signé à Port Louis, le 6 septembre 1995

    *(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Erna Hennicot-Schoepges, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Henri Grethen, Charles Goerens, Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.00 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Assentiment)***

D'Wuert huet den Här Minister Grethen.

### 1. Dépôt d'un projet de loi

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Duerch groussherzoglechen Arrêté vum 20. Januar sinn ech autoriséiert fir an der Chamber e Gesetzestext ze déposéieren iwwert d'Modifikatioun vum Gesetz vum 10. Mee 1995 wat d'Infrastructure ferroviaire ugeet.

*- Projet de loi 5098 modifiant la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire.*

Här President, ech wollt dobäisetzen dass ech bis elo d'Technik gewielt hu fir all Kéier bei all neiem groussen Eisebunnsprojet d'Gesetz vun 1995 ofzeänneren, well ech gemengt hunn dass dat d'Visibilitéit vun deene successive Projete géif verbesseren. Ech hunn awer elo vum Conseil d'Etat an engem Avis gesot kritt, dass se eigentlech dat eng schlecht Technik géife fannen.

Ech wär och duerfir frou wann d'Chamber mir géif soen, ob se léiwer hätt dass een an där Technik weiderfiert oder awer ob ee soll op de Wee goen deen de Conseil d'Etat proposéiert, fir all Kéier en extrae Projet de loi ze déposéieren.

Dat wär dann an dësem Fall e Projet de loi portant construction d'une infrastructure ferroviaire entre la gare de Luxembourg, l'aéroport de Findel et le Kirchberg, respectivement la gare de Dommeldange.

Mir hu bis elo déi aner Technik gewielt. Ech wär, wéi gesot, Här President, frou wann d'Chamber mir géif soe wéi ech an Zukunft déi Texter soll agencéieren. Merci.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Transportminister Henri Grethen. De Projet gëtt weidergeleet un déi zoustänneg Kommissioun an och un de Conseil d'Etat.

### 2. Communications

Folgend Kommunikatioune wollt ech der Chamber maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Ci-dessous la liste des projets de loi déposés à partir du 31 janvier 2003 sur le Bureau:

1. 5094 Projet de loi portant réactivation du fonds d'équipement militaire

   Dépôt: M. le Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense, le 03.02.2003

2. 5095 Projet de loi modifiant la loi du 14 août 2000 relative au commerce électronique

   Dépôt: M. le Ministre de l'Economie, le 04.02.2003

3. 5096 Projet de loi relative au fonctionnement et au financement de l'action SuperDrecksKëscht

   Dépôt: M. le Ministre de l'Environnement, le 05.02.2003

4. 5097 Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et la République de Croatie, d'autre part, et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 29 octobre 2001

   Dépôt: Mme le Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 10.02.2003

3) Conformément à l'article 17 de la loi du 2 août 1977 portant création d'une Société Nationale de Crédit et d'Investissement et au Chapitre 4 du Règlement de la Chambre des Députés portant nomination d'un commissaire aux comptes de la S.N.C.I., la Chambre a fait publier dans les journaux quotidiens un appel de candidatures d'un commissaire aux comptes ayant les qualités de réviseur d'entreprises.

4) L'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe a tenu la première partie de sa session ordinaire de 2003 du 27 au 31 janvier à Strasbourg.

Etaient présents à cette session: MM. Gusty Graas, Président de la délégation, Marcel Glesener et Mme Lydie Err, représentants, MM. Norbert Haupert et Emile Calmes, suppléants.

M. Peter Schieder, Président sortant de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe, a été réélu.

Lors de l'élection des 19 Vice-Présidents de l'Assemblée, M. Marcel Glesener a été élu troisième selon l'ordre de préséance; cependant un poste de vice-président demeure momentanément vacant.

Monsieur Gusty Graas a été confirmé dans ses fonctions de Président de la délégation.

Ont été élus Madame Lydie Err, pour la troisième année consécutive, Présidente de la Commission de l'égalité des chances pour les femmes et les hommes et Monsieur Marcel Glesener, pour la deuxième année consécutive, Président de la Sous-commission de la charte sociale européenne et de l'emploi de la Commission des questions sociales, de la santé et de la famille.

L'Assemblée a écouté les discours de:

- M. Abdullah Gül, Premier Ministre de la République de Turquie,

- M. Bruce George, Président de l'Assemblée parlementaire de l'OSCE,
- M. Enrique Jackson Ramirez, Président du Sénat du Mexique,
- M. Edward Fenech-Adami, Premier Ministre de Malte,
- M. Joseph Borg, Ministre des Affaires étrangères de Malte et Président en exercice du Comité des Ministres, et
- M. Walter Schwimmer, Secrétaire Général du Conseil de l'Europe,
- M. Thomas Klestil, Président de la République d'Autriche.

Les principaux sujets à l'ordre du jour des huit séances étaient les suivants:

- rapport d'activité du Bureau de l'Assemblée et de la Commission permanente;
- Europe du Sud-Est;
- liberté d'expression dans les médias en Europe;
- coopération culturelle entre l'Europe et les pays du sud de la Méditerranée;
- élection d'un juge à la Cour européenne des droits de l'homme au titre de l'Espagne;
- contribution du Conseil de l'Europe au processus d'élaboration d'une constitution de l'Union européenne;
- défis de la politique sociale dans nos sociétés vieillissantes;
- vers la pleine intégration sociale des personnes handicapées;
- conflit en République tchétchène;
- mondialisation et développement durable;
- suivi du Sommet mondial sur le développement durable: un défi commun;
- projet de protocole portant amendement à la Convention européenne pour la répression du terrorisme;
- situation des jeunes migrants en Europe
- évolution de la procédure de suivi de l'Assemblée.

Trois débats d'urgence figuraient également à l'ordre du jour, à savoir le premier sur l'Irak, le deuxième sur la pollution marine et le troisième sur le code de bonne conduite en matière électorale.

Lors de cette session, le Président de la Société internationale de bioéthique (S.I.B.I.), M. Marcelo Palacios, ancien membre de l'Assemblée, a remis le prix décerné par la SIBI au Conseil de l'Europe et notamment à l'Assemblée parlementaire, pour sa contribution remarquable à la bioéthique par l'élaboration de la convention sur la dignité de l'être humain.

En outre Mme Lydie Err a posé au Président du Comité des Ministres une question quant à une éventuelle future convention sur la traite des êtres humains.

L'Assemblée a adopté une série de recommandations, de directives et de résolutions en rapport avec les sujets à l'ordre du jour.

5) Par lettre du 6 février 2003 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre des Députés le texte des résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 13 au 16 janvier 2003

- résolution sur le rôle des pouvoirs régionaux et locaux dans la construction européenne;

- résolution sur la situation des droits fondamentaux dans l'Union européenne;

- résolution sur la communication de la Commission au Conseil et au Parlement européen - Vers une gestion intégrée des frontières extérieures des États membres de l'Union européenne;

- résolution sur la communication de la Commission au Conseil et au Parlement européen intitulée „Les mécanismes de compensation et de règlement-livraison dans l'Union européenne - Principaux problèmes et défis futurs";

- résolution sur la communication de la Commission au Conseil, au Parlement européen, au Comité économique et social et au Comité des régions sur l'avenir des soins de santé et des soins pour les personnes âgées: garantir l'accessibilité, la qualité et la viabilité financière;

- résolution sur la politique d'immigration et d'asile;

- position sur la proposition de décision du Conseil concernant la conclusion de l'accord euro-méditerranéen d'association entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la République libanaise, d'autre part;

- résolution sur les activités de la Banque européenne pour la reconstruction et le développement (BERD);

- résolution sur l'aquaculture dans l'Union européenne: présent et avenir.

Den Här Gira freet d'Wuert

## 3. Ordre du jour

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt am Numm vun der grénger Fraktioun froen, dass mir de Projet de loi 4885 iwwert d'Reform vum Wahlgesetz géinge vum Ordre du jour vun dëser Woch huelen. Dozou gëtt et dräi gutt Grënn.

Deen éischten, d'Intérieurskommissioun hat an der Sitzung vum 5. Februar décidéiert se géing sech nach zwou Sitzungen Zäit huele fir e voluminösen Avis complémentaire vum Statsrot ze analyséieren, fir duerno a Rou en Text coordonné, deen ëmmerhin iwwer 346 Artikele geet, a Rou ze analyséieren, an dann och de Rapport vum Rapporteur unzehuelen. Mir wossten zwar deemools dass dat géif enk ginn, mä et war awer alles ofgekläert mat de Leit aus dem Intérieur, mat dem Greffe, mat de Leit vum Statsrot fir dann dëst Gesetz a Rou kënne fäerdeg ze analyséieren, nodeem an zéng Sitzungen eigentlech eng seriö Aarbecht gemaach ginn ass, fir dann de 25. Februar mëttes driwwer ze diskutéieren an ze votéieren.

Ech war dunn net schlecht erstaunt, zumol wou schonn d'Invitatioune fir d'Sitzunge fir mar an e Freide vum President vun der Intérieurskommissioun eraus waren, wéi dunn an der Conférence des Présidents d'Vertrieder vun der Majoritéit déi do Prozedur op d'Kopp geworf hunn an insistéiert hunn, dass dat Gesetz mar de Moien diskutéiert a votéiert soll ginn. Eise Fraktiounschef huet deemools awer ouni Succès scho géint dës Prozedur protestéiert, déi net Usus ass. Mir hunn hei festgehalen, dass mir wa méiglech de Rapport sollen donneschdes virdrun ugeholl hunn.

Déi zweet Ursaach ass, dass du selbstverständlech an där kuerzer Zäit dee ganzen Text bâcléiert ginn ass, dass och Béck geschoss si ginn, trotz dem gudde Wëlle vun enger Rei Leit. Op jidde Fall war et schlussendlech esou, e Freiden den Owend ass spéit nach e Courrier erausgaange mat deene leschten Dokumenter. Dunn ass awer de Weekend vum President festgestallt ginn, dass dat net dee richtegen Text war.

Dunn huet de President, wat zwar gutt gemengt war, mä awer och mengen ech eng onusuel Prozedur ass, privat säin E-mail geholl an all Mënsch aus der Kommissioun eng nei Versioun geschéckt. Herno huet sech awer erausgestallt, dass och an där Versioun nach net alles korrekt war, mam Resultat, Här President, dass e Méindeg de Moien um néng Auer d'Memberen an d'Intérieurskommissioun komm sinn a bis dohinner kee kohärenten Text viru sech leien haten, wou dat wat am Rapport stoung, dat wat am Commentaire des articles an dat wat am Text coordonné stoung iwwerenee gestëmmt huet.

Ech mengen net dass et engem Deputéierte machbar ass, wann hien am Ufank vun der Sitzung en Text vun 147 Säite kritt, dass hien da während der Sitzung sech muss äußeren zu deem wat do dra steet. Ech mengen, dass een no zéng Sitzungen och nach misst d'Méiglechkeet hunn dann déi lescht zwou Sitzungen ze kucken, ob dat wat ee presentéiert kritt och deem entsprécht wat an där Kommissioun do votéiert ginn ass, zemools wann et an där Kommissioun e puermol hin- an hiergaangen ass mat Amendementer.

A schlussendlech déi drëtt a vläicht déi wichtegst Ursaach. Natierlech well do villes bâcléiert ginn ass sinn ech fest der Meenung, dass nach Feeler dra sinn. Ech hunn och an där Sitzung dorop higewisen, dass mir ëmmerhin eng Opposition formelle vum Statsrot hätten. Dunn ass gemengt ginn déi géinge mir mat engem Saz am Commentaire des articles aus de Féiss huelen. Ech hunn elo an de Kulissen hei héieren, dass ech Recht behalen hunn, dass anscheinend de Statsrot net d'accord ass dës Opposition formelle opzehiewen. Dofir géif ech wierklech e waarmen Appel maachen, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dass mir elo net wéi et anscheinend geplangt ass den Owend an der Hetz um sechs Auer eng Sitzung nach vun der Intérieurskommissioun sollen hunn, an da mar de Moien dëse Projet um Ordre de jour hunn. Ech mengen dat wär wierklech eng schlecht legislativ Aarbecht. Ech géing proposéieren, dass mir erëm op deen initiale Szenario vun der Intérieurskommissioun zréckkommen.

Ech hunn och nach aner Inkoherenzen entdeckt, tëschent dem Text an den Annexen. Ech mengen net dass een dat elo an enger halwer Stonn Sitzung den Owend kann erleedegen. Dofir géing ech e waarmen Appel un all Deputéierte maachen, fir dëst Gesetz vum Ordre du jour ze huelen, eis zwou Sitzungen Zäit ze huelen an et dann a Rou de 25. Februar ze votéieren.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler freet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et wär selbstverständlech méi agréabel gewiescht wann een dee Projet hei hätt kënnen de 25. Februar évacuéieren, mä vu d'Contrainten, vu de Fait dass deen Text hei fir den 1. Mäerz soll a Kraaft sinn, wann...

Une voix.- E soll net, e muss!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Glift?

Une voix.- E muss dann a Kraaft sinn.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- E muss da guer net a Kraaft sinn den 1. Mäerz!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Wa mir déi auslännesch Matbierger bei den Europawahle vum nächste Joer wëlle profitéiere loosse vun deenen Allègementer, déi mir an dësem Text dran hunn, da muss deen Text hei fir den 1. Mäerz a Kraaft sinn. Wann en nämlech net a Kraaft ass, da gëtt den Délai vun de Wahllëschten den 28. Februar vun de Gemengen ofgeschloss, da sinn d'Wahllëschte clôturéiert an da kënne mir net erëm den halwe Mäerz en neien Délai opmaache goen.

Dat sinn d'Contrainten ënnert deene mir stinn a wou mir gemengt hunn dass et wichteg wär, d'autant plus wou d'Regierung och Wëlles huet nach eng Campagne de sensibilisation ze maache fir d'Ausländer, esou dass mer gemengt hunn dass de 25. spéitstens deen heiten Text misst évacuéiert sinn. Wa mir dat awer eréischt de 25. maachen, da wëll ech awer drop hiweisen dass d'Chamber hei fir d'éischt eng Diskussioun muss féieren, do si mir saiséiert mat ganz vill Amendementen, grad just vu Säite vun deene Gréngen, esou dass mir also eng länger Debatt hei ze erwaarden hunn.

Wann den Szenario muss esou klappen, da muss deeselwechten Dag de Conseil d'Etat d'Dispens gi vum zweete Vote, also muss de Conseil d'Etat a senger Sitzung verharren oder zesummekomme wann d'Chamber dann hei um halwer sechs, um halwer siwen oder um halwer néng oder um halwer zéng fäerdeg ass. No där Dispens muss den Text bei de Grand-Duc goe fir ënnerschriwwen ze ginn an duerno muss e jo nach gedréckt ginn, well e muss deeselwechten Dag nach am Mémorial sinn. Deementspriechend mengen ech schonn, dass ee kengem kënnt déi dote Prozedur zoumudden an dass d'Chamber gutt berode wär wa se dee Projet hei géif e Mëttwoch évacuéieren.

Wat elo déi Froen, déi den honorablen Här Gira hei opgeworf huet, ubelaangt, wëll ech soen: Effektiv ass dat elo relativ kuerz - dat ginn ech ganz gären zou - wou dee Rapport vun der Kommissioun huet mussen ugeholl ginn.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass d'Kommissioun an deene leschte Méint an deene wesentleche Froen esou intensiv dee Projet hei diskutéiert huet wéi seele virdrun een diskutéiert ginn ass; dass Accord op alle Bänken, wat déi grouss Linnen, déi grouss Neierunge vun dësem Projet ubelaangt, besteet an dass speziell deen ee Problem vun enger Opposition formelle, déi de Conseil d'Etat opgeworf huet, wou d'Kommissioun e Méinden eng Meenung hat, déi awer an der Zwëschenzäit vum Conseil d'Etat no Récksprooch mat hinnen net an där Form ka bestoe bleiwen, en absolut niewesächlechen a klenge Punkt betrëfft.

Duerfir gesinn ech net an, bei enger Reform wéi där heiten, wou mir awer fundamental Neierunge gemaach hunn an elo e minimale Problem mat enger Oppositioun hunn op enger Niewesächlechkeet, dass mir dat net herno kënnen an d'Rei bréngen um sechs Auer an da stëmme mir mar de Moien an aller Rou dee Projet hei.

Wann da sollt, Här President, bei engem wierklech komplizéierten Text mat 346 Artikelen, wou och vill Modifikatioune vum Conseil d'Etat proposéiert gi sinn, nach deen een oder deen anere Problem opdauche wat d'Textformulatioun ubelaangt, da si mir gäre bereet dat ze klären.

Här Gira, mir hunn Är Kollaboratioun an der Kommissioun am Laf vun deene leschte Méint geschätzt a wann Dir also nach eng Fro do fonnt hutt déi nach net ganz kloer ass, da bréngt dat haut den Owend an der Kommissioun vir, da kläre mir dat an dann diskutéiere mer mar de Moien an aller Rou dee Projet hei. Duerfir, Här President, proposéiere mir deen Ordre du jour bäizebehalen, esou wéi mir e proposéiert hunn.

M. le Président.- Den Här Krecké huet nach d'Wuert gefrot.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Also, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass sécher keng normal Prozedur déi mer hei ageschloen hunn. Wann eis Fraktioun sech ee Moment an der Presidentekonferenz d'accord erkläert huet fir déi, ech géing scho bal soen onméiglech Prozedur awer méiglech ze maachen, dann ass et nëmme well mir gesot ginn ass, do géing en Délai spillen. Wann deen Délai net agehale géing ginn, da kënnten d'Auslänner net un den nächste Wahlen deelhuelen.

Ech sinn net an där Kommissioun, ech si kee Spezialist dovunner. Ënnert deenen dote Prémissë ware mir d'accord fir exceptionnellement dee Wee ze goen. Ech muss awer soen, dass déi Prozedur, déi mer am Virfeld dovunner geholl hunn, dann awer hätt misse vill méi schnell geholl ginn, et hätt ee seng Dispositioune missen huelen, an et ass och nëmmen ënnert deene Konditioune wou eis Fraktioun domat d'accord ass deen dote Wee ze goen.

Wann et sech erausstellt dass dat iwwerhaapt net noutwendeg ass - an ech krut elo gesot, dass den Innenminister behaapt hätt an der Kommissioun, deen Délai wier guer net esou wéi dat behaapt gi wier -, wann dat de Fall ass, Här President, dann zéie mir eisen Accord dozou zréck, well déi Prozedur hei entsprécht weder eise Regelen nach enger seriöser parlamentarescher Aarbecht.

Mir hunn nëmmen ënnert dem Drock vun deem Délai fir auslännesch Matbierger vum Wahlrecht, vun hirer Méiglechkeet dorunner deelzehuelen, auszeschléissen, fir dat ze évitéiere ware mer mat esou enger Prozedur d'accord. Mir sinn also nëmme mat där Massgab d'accord an dofir géing ech gär vum Innenminister wëssen, ob deen Délai wierklech esou streng ass oder ob dat net de Fall ass, wéi en dat scheinbar an der Kommissioun gesot huet. Soss si mir och der Meenung, dass dat Ganzt verluecht gëtt an da soll een à tête reposée dat do am Mäerz maachen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet nach gefrot den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Protestatioune vun de Fraktiounspresidente vun der Oppositioun an der Conférence des Présidents hu sech wierklech a Grenze gehalen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Aus deene Grënn, déi ech awer elo gesot hunn.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Dir reagéiert eben ëmmer ze spéit.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Elo gëtt et awer Zäit! Dat do ass awer bëlleg!

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- De Problem vum Délai war scho connu d'avance. Dee krute mer vum Secrétaire général ausenaner gesat a wat fir Schwieregkeete mer hätte fir et nach Dënschdes mëttes ze stëmmen, dass de Conseil d'Etat mëttes nach misst um fënnef oder um halwer sechs zesumme kommen an de Grand-Duc misst aus dem Ausland komme fir den Text ze ënnerschreiwen an e misst virun zwielef Auer duerch d'Post goen. Dat krute mer gesot, an dofir hu mer dat dote gemaach. Da sidd och éierlech a gitt dat zou.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Ech hunn dat jo gesot.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Ma ja, an dat ass d'Ursaach firwat dass mir deen Text esou gemaach hunn, wéi elo gesot ginn ass. Ech wëll nach eng Kéier soen, et ware keng grouss Protestatiounen, besonnesch vun der gréng

Säit, fir den Text net ze huelen. Dofir hu mer et esou gemaach wéi mer et elo proposéiert hunn. Mir hätten eis natierlech och gewënscht, mir als Fraktioun vun der DP, dass ee besonnesch déi lescht Amendementer, déi komm sinn, hätt kënnten ewech loossen, well si si komm an du si se erëm deelweis ewech gezu ginn. Mä déi wichtegst Elementer vun där Reform sinn an deene Méint virdrun diskutéiert ginn an och aviséiert gi vum Conseil d'Etat, esou dass mir d'accord sinn, à moins dass en Elément nouveau géing kommen, fir dass den Ordre du jour géing behale ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Bausch, an dann den Här Jaerling.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Also, Här President, ech muss soen, ech hat net wëlles heizou Stellung ze bezéien, mä ech fannen et ëmmer erëm aarmséileg wann hei Saache behaapt ginn déi net stëmmen. Den Här Frieseisen ass hei mäin Zeien, datt ech an där Conférence des Présidents nach insistéiert hunn datt eng Motivatioun misst erbäikommen, datt mir mat där ganzer Prozedur hei op kee Fall averstane wieren. Dat kann een am Procès-verbal mat Sécherheet noliesen. Den Här Frieseisen ass gewëssenhaft genuch, wann ee vun de Fraktiounschefen dat verlaangt, datt dat och derbäi stoe kënnt.

Ech fannen et aarmséileg, datt hei ëmmer erëm Saache behaapt ginn déi net stëmmen. Iwwregens verléiere mer och domadder onnëtz Zäit. Här Rippinger, Dir wësst, datt et net esou ass wéi Der dat elo gesot hutt.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech hunn net gesot Dir hätt net protestéiert, ech hu gesot et hätt sech a Grenze gehalen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech kann awer net méi maachen. Ech hätt och kënnen e Gewier matbréngen an op lech schéissen oder wat. Wat soll ech da soss maachen? Ech weess jo wéi d'Majoritéitsverhältnisser an der Conférence des Présidents sinn. Et deet mer Leed, méi wéi ze verlaangen datt meng Motivatioun herno derbäi geschriwwe gëtt, datt ech insistéiert hunn datt déi explicitement an de Procès-verbal soll drakommen, kann ech beim beschte Wëllen net maachen. Leider hunn d'Wieler 1999 entscheet, dass d'Majoritéitsverhältnisser esou si wéi se haut sinn. Ech hoffen, dass se sech d'nächste Kéier eppes Besseres bedenken.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aly Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, hei gëtt ëmmer vu Prozedur geschwat. Ech mengen, dat do ass keng Prozedur, dat do ass egal wat. D'Prozedur déi mer festgeluecht hunn, déi hu mer an der Kommissioun festgeluecht fir eng Sitzung ze maachen den 12., de 14. an dann de 25. dat hei ofzestëmmen, ënnert deenen Ëmstänn, wéi se nun ebe sinn, mä op jidde Fall ware mer an der Kommissioun eis eens, dass den 12. an de 14. soll eng Sitzung sinn an de 25. soll et ofgestëmmt ginn. An op där anerer Säit hunn ech déi Dokumenter emol iwwerhaapt net kritt, ausser aus aneren Ursaachen och nach, an dass emol keng Méiglechkeet do war fir de leschte Rapport seriö ze kucken. An ech gesinn och kee Sënn dra fir elo den Owend nach, wou souwisou alles kloer ass vun de Majoritéitsparteien, dann iergendwéi stonnelaang do ze sëtzen, ze diskutéieren, fir eppes dat mer souwisou net iwwert d'Bühn kréie well mer kee Konsens fannen. Well déi Konsensen déi fonnt ginn, do hu mer jo d'Beispill gesi wéi de Minister Wolter virgeet, wéi en déi leschte Kéier an d'Kommissioun komm ass, dass esou laang gestëmmt gëtt bis zum batteren Enn an dass ëmmer dat erauskënnt wat si gären hätten. Ech gesinn net an, datt ech den Owend nach soll meng Zäit verléieren an nach an eng Sitzung goen.

Ech halen drop, dass déi Prozedur, déi eestëmmeg an der Kommissioun festgehale ginn ass, soll respektéiert ginn an ech sinn och mam Här Gira d'accord, dass dat do soll vum Ordre du jour kommen.

M. le Président.- Elo huet jo all Partei geschwat. Da stëmme mer elo of. Et ass eng Propositioun gemaach ginn. Den Här Klein freet nach d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Ech wollt nëmmen opmierksam maachen op deen neien Artikel, dee virschreift wéini d'Inscriptioun muss gemaach gi fir matwielen ze goen. Fréier war et jo esou, dass am Spezialgesetz fir d'Europawahlen de Stéchdatum den 28. Abrëll war. An elo ass: „La demande d'inscription aux élections communale et européenne signée et datée est déposée sous peine d'échéance sur papier libre et contre récépissé auprès du collège des bourgmestre et évchevins de la commune de résidence de l'intéressé avant le 1er avril de l'année en cours."

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dann ass deen Délai jo net richteg, deen Der eis ginn hutt. Da spillt dee jo net.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Mir stëmmen elo of.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Mir hätte gär eng Äntwert, Här President. Ech hätt gär eng Äntwert vum Minister, e soll Jo oder Nee soen, ob deen Délai spillt wéi den Här Klein et interpretéiert oder ob en esou spillt wéi mir et an der Presidentekonferenz gesot kruten. Well eise Vote gëtt ofhängeg gemaach vun där doten Äntwert.

***(Interruption)***

Mir waren ënnert dem Drock vun där Fro vum Délai domat d'accord. Här Weiler, ech hunn net gär wann Dir blöd laacht iwwer Saachen déi ech eescht huelen. Wann ech en Accord eragi fir meng Fraktioun, an enger Fro wou ech gesot kréie vun lech, deen Délai deen ass esou, da ginn ech net gär fir domm hei an der Sëtzung verkaaft, soss ass dat de leschten Accord deen Dir vu mir kritt hutt. Dat soen ech lech!

M. le Président.- Dir sollt d'Leit hei net mam Numm nennen. Dir sollt net esou zëmperlech sinn, well wann ech heiansdo hei nolauschtere wat deen een oder anere seet am Eifer vum Gefecht, dat ass och net ëmmer alles…

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ass et kloer? Äntwert en? Oder ass et net kloer?

M. le Président.- De Minister huet elo D'Wuert. Hie soll äntwerten an da stëmme mer of.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, ech bedaueren och e bësschen, dass deen inhaltlech wichtege Projet de loi, dee mer hei solle stëmmen, deen eng wesentlech Verbesserung vum Wahlgesetz duerstellt par rapport zu deem wat mer bis elo kannt hunn, riskéiert an der Prozedur an an der Polemik ënnerzegoen.

Mir hunn als Regierung, well et sech ëm d'Wahlgesetz handelt a well d'Wahlgesetz fir eis ee vun de Fundamenter ass no deem d'politescht Zesummespill regléiert gëtt, eis ganz vill Méi gi fir am Virfeld vun deem Projet de loi eng large Consultatioun duerchzehuele bei de Parteien a mir hunn e Projet de loi op den Instanzewee ginn, deen eiser Meenung no den Accord fonnt huet op deene Punkten déi e sollt änneren, an de Kritären an an de Quotaë vu praktesch enger Verfassungsännerung.

Ech wollt dat soen, well et iwwer net demokratesch Virweisen hei gaangen ass. Mir hunn also net e Projet de loi déposéiert, wou d'Majoritéit géint d'Oppositioun hir Meenung géif duerchsetzen. Mir hunn e Projet de loi déposéiert, deen deem entsprécht wat a sengen…

***(Interruption)***

Ech kommen direkt op d'Fro. Ech hu mer fir d'éischt erlaabt op déi Remarque vum honorabele Kolleeg vum ADR ze äntwerten, ier ech dann op déi konkret Fro vum Här Krecké géif kommen.

Et ass esou an der Chamber: Vu dass et e puer Fraktioune gëtt, muss ee mat enger ufänken, an dës Kéier hat ech mer erlaabt da mam Kolleeg vun der ADR unzefänken.

Den Här Krecké stellt d'Fro vum Délai. Dat ass eng berechtegt d'Fro. Ech hunn elo nach eng Kéier mat menge Servicer geschwat, déi mer soen dass bei der bestehender Gesetzgebung fir d'Inscriptioun vun den Auslänner, an dorëms geet et jo, et ass d'ailleurs e Punkt deen net contestéiert heibannen ass, inhaltlech. Wa mer gären hätten, dass sech dat Gesetz applizéiert, an dorëms geet et eis jo, fir d'Europawahle vum nächste Joer, an dass déi Mesuren, déi am Gesetz drastinn, inhaltlecher Natur, déi eng wesentlech Réductioun vun den Délaië fir d'Net-Lëtzebuerger mat sech bréngen, dass déi fir d'nächst Joer fir d'Europawahlen applicabel sinn, da musse mer oppassen, dass d'Wielerlëschten op sinn, dass d'Leit se also och kënnen applizéieren.

Ech hunn nach eng Kéier, wéi gesot, nogefrot an et gëtt mer gesot, dass, contrairement zu deem wat den Här Klein mengt, d'Wielerlëschte bei den Auslänner fir d'Europawahlen den 28. Februar an der bestehender Gesetzgebung zougemaach ginn.

Dat heescht, wa mer net e Projet de loi hunn dee virum 1. Mäerz a Kraaft ass, deen deen déi bestehend Reglementatioun ersetzt, da mussen d'Gemengen den 28. Februar d'Lëschte clôturéieren.

***(Interruption)***

Majo natierlech, well se den 28. Februar zougemaach ginn. A wa mer dann den 3., de 5. oder de 7. Mäerz eréischt eng nei Dispositioun hunn, déi elo den Délai pour le futur op den 31. Mäerz verlängert, da si mer an engem Vide juridique, da si mer an enger Situatioun wou d'Lëschten zou sinn, mer se also net méi kënnen opmaachen. Dat ass déi Diskussioun, déi ech de Juristen iwwerloossen. Ech si net Jurist, dat dote schéngt mir awer plausibel ze sinn, wann an engem bestehende Gesetz drasteet dass den 28. Februar zou ass an et ass den 28. Februar kee Projet de loi dee publizéiert ass am Mémorial, fir d'éischt ënnerschriwwen an da publizéiert am Mémorial, deen déi Dispositioun ersetzt duerch eng Dispositioun bis den 31. Mäerz, dass d'Wahllëscht dann zou ass. An ech géif net gären den Droit de vote fir d'Auslänner an eng Situatioun erakommen, dass herno d'Geriichter décidéieren ob oder ob net déi Dispositioune fir d'nächst Joer a Kraaft ze huelen.

Dofir war eis Fro, fir dee Projet hei virum 28. Februar net nëmme gestëmmt ze hunn, mä och publizéiert ze hunn, fir dass mer net an esou eng Situatioun vu Kontestatioun géifen erakommen. Mir hunn eis allerdéngs misste soe loossen, dass et bei deem Datum vum 25. Februar, deen initialement virgesi war, Schwieregkeete géife ginn, fir sécher ze stellen dass mer d'Dispens vum Conseil d'Etat fir den zweete Vote géife kréien. Ouni d'Dispens vum Conseil d'Etat vum zweete Vote keng Publikatioun vum Gesetz, ouni Publikatioun vum Gesetz keng Applicatioun vun de Mesurë fir d'Auslänner fir d'Europawahlen. An doduerch huet d'Majoritéit sech erlaabt de leschten Donneschdeg an der Conférence des Présidents iwwert déi Propositioun do ewech ze goen an den Datum op muer ze setzen, fir sécher ze stellen dass mer d'Dispens vum Conseil d'Etat kréien, dass mer d'Ënnerschrëft vum Grand-Duc kréien, dass mer d'Publikatioun am Mémorial kréien an dass mer also sécher sinn, dass déi Dispositioun, wat eng vun deenen Dispositiounen ass déi, mengen ech, heibannen net contestéiert ass, nämlech d'Réductioun vun der Aschreiwungsfrist fir Auslänner fir kënnen an d'Europawahle matzegoen, dass mer dat géife garantéieren. Dat ass mäin eenzege Begier, an ech géif hoffen dass d'Chamber à même wär fir deem Begier nozekommen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Chamber ass a Presenz vun engem Antrag vum Här Gira, den Ordre du jour an deem Sënn ëmzeänneren, dass de Projet 4885 iwwer eng Änneruna vum Wahlgesetz vum Ordre du jour geholl gëtt.

***Vote***

Déi mat där Propositioun d'accord si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Propositioun ass mat 34 Neegéint 26 Jo-Stëmme verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes (par M. Marco Schank), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Paul-Henri Meyers), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. John Schummer), Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach.*

Den Här Fayot freet d'Wuert.

## 4. Dépôt d'une motion

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Ech wollt just, ier d'Froestonn ugeet, eng Motioun déposéieren, déi mer jo herno nom Ordre du jour wäerten diskutéieren.

***Motion***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la décision du Conseil européen de Copenhague des 12 et 13 décembre 2002 sur l'élargissement de l'Union à 25 Etats membres;*

*- considérant que cet élargissement entraînera un afflux important de nouveaux personnels européens à Luxembourg;*

*- considérant les problèmes de surpopulation à l'Ecole européenne et dans les structures d'accueil pré- et postscolaires pour les enfants;*

*- considérant l'importance de services sociaux et d'infrastructures scolaires convenables dans le cadre de la politique du siège du Gouvernement luxembourgeois;*

*- considérant la résolution sur les infrastructures scolaires et sociales adoptée à l'unanimité par tous les comités du personnel des institutions européennes implantées à Luxembourg;*

*- considérant la décision prise par le Gouvernement en décembre 2001 de faire construire une deuxième école européenne à Mamer*

*invite le Gouvernement*

*- à accélérer les préparatifs en vue de la construction d'une deuxième école européenne afin d'être en phase avec le calendrier de l'élargissement;*

*- à agrandir le Centre polyvalent de l'enfance;*

*- à mettre en place les mesures transitoires urgentes en attendant la mise en place des infrastructures définitives.*

*(s.) Ben Fayot, Mady Delvaux-Stehres, Jeannot Krecké, Jos Scheuer, Marc Zanussi.*

## 5. Ordre du jour (suite)

M. le Président.- Mir kommen dann elo zu eisem Ordre du jour.

Fir d'alleréischt emol huet d'Presidentekonferenz an hirer Sitzung vum 6. Februar fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

1. Haut de Mëtteg eng Froestonn un d'Regierung. Zu dësem Punkt wëll ech der Chamber eng Matdeelung maachen. De 6. Februar huet den Här Jean Asselborn fir d'Froestonn un d'Regierung eng Questioun iwwert den Irak eragereecht. A sengem Bréif vu gëschter, dem 10. Februar, huet den Här Jeannot Krecké am Numm vun der sozialistescher Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwer en eventuelle Krich am Irak ugefrot. Den Artikel 78-2 vum Chamberreglement gesäit a sengem éischte Paragraph vir, dass esou eng Ufro deen Donneschteg virun der Sitzung soll agereecht ginn. Deen Délai ass deemno net respektéiert. Well et sech awer an dësem konkrete Fall ëm e Sujet vun eminenter Wichtegkeet handelt, schloen ech vir, dass dem Här Asselborn an dem Här Henckes hir Froen zesumme behandelt ginn, fir d'Presentatioun vun hire Froe jeeweils fënnef Minutten, an dem Minister, deen d'Fro beäntwert, jeeweils zéng Minutten zougestane ginn.

2. Des Weideren hu mer op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg d'Motioun vun der Madame Renée Wagener betreffend déi historesch Recherche iwwert den Zweete Weltkrich.

3. D'Motioun vun der Madame Renée Wagener iwwert déi Persounen, déi am Zweete Weltkrich am Ostblock vermësst gemellt goufen.

4. D'Motioun vun der sozialistescher Fraktioun iwwert d'Europaschoul.

5. D'Proposition de révision vun den Artikelen 51 an 52 vun der Verfassung. Bei dësem Projet ass laut Artikel 114 vun der Verfassung eng Majorité qualifiée néideg.

6. De Projet de loi 4967, eng Konventioun vun der UIT.

7. De Projet de loi 4788, e Kulturofkommes tëschent Lëtzebuerg a Mauritius.

De Programm vun haut gëtt ofgeschloss, och wann d'Sitzung muss no halwer siwe verlängert ginn.

Mar de Moien um néng Auer fänke mer u mam Projet de loi 4885 iwwert d'Wahlgesetz nom Modell 3. Falls d'Diskussioun mar net ofgeschloss sollt ginn, gëtt d'Diskussioun vum Projet nomëttes, no der Deklaratioun vum Här Minister Charles Goerens, weidergefouert.

Mar de Mëtteg um halwer dräi mécht den Här Minister Charles Goerens eng Deklaratioun iwwert d'Entwécklungshëllef vun der Lëtzebuerger Regierung.

Iwwermar, en Donneschdeg de Moien um néng Auer, hu mer d'Debatt iwwert d'Entwécklungshëllef nom Modell 2, an nomëttes um halwer dräi d'Orientéierungsdebatt iwwert den europäesche Konvent, och nom Modell 2.

Ech froen d'Chamber ob se domadder averstanen ass.

Den Här Bausch freet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech muss soen, ech si méi wéi iwwerrascht iwwert dee seltsame Virgank, dee mer elo de Mëtteg hei erliewen, datt mir keng Debatt hunn zu dem Krich am Irak oder zu dem bevirstehende Krich am Irak oder eventuelle Krich am Irak, jee nodeem wéi een et gesäit. Well mir hu jo de leschte Freideg op dem Pressebriefing als Chamber nawell zolidd Lektiounen ausgedeelt kritt vum Premierminister, dee sech zimlech frustréiert ginn huet um Pressebriefing bei der versammelter Press, datt an der Chamber eigentlech géing esou quasi e Refus bestoe fir mat him ze diskutéieren iwwert déi ganz Problematik am Irak. An en huet du gesot, e géing hoffen datt dës Woch awer dann endlech emol géing en Austausch bestoen tëschent der Chamber an him iwwert d'Situatioun am Irak.

Ech muss soen, ech war erfreet driwwer de Premierminister ze héieren, dee jo d'lescht Woch hei net Stellung geholl huet an der Debatt, datt hien immens interesséiert wär un engem reegen Austausch tëschent der Chamber an him iwwert d'Situatioun am Irak, an ech sinn och dunn dovun ausgaangen datt, vu datt en dat do gesot huet, d'Regierung géing beantragen de Mëtteg eng Déclaration de Gouvernement hei ze maachen, déi dann natierlech, wéi dat sech gehéiert, suivéiert gëtt vun engem Débat hei an der Chamber, wou mer dann hätte kënne während zwou oder dräi Stonnen e reegen Austausch kréien iwwert d'Komplexitéit ronderëm de Konflikt am Irak.

Ech hunn och dowéinst natierlech net, weder e Freideg nach e Samschdeg nach e Sonndeg nach e Méindeg eng Demande erageréecht fir en Débat d'orientation oder en Débat d'actualité haut de Mëtteg hei ze beantragen, well ech jo dovun ausgaange sinn datt dat souwisou um Ordre du jour wär, datt d'Regierung dat géing beantragen. Desto méi grouss war natierlech meng Iwwerraschung wéi ech hu misse feststellen, datt dat éischtens net de Fall war an datt zweetens eng Heure d'actualité, soit datt se effektiv net onbedéngt an der Konformitéit ass mat eisem Reglement, esou wéi d'Reglement et virgesäit, vun der LSAP géing ofgeleent ginn, datt awer zwou Froen akzeptéiert ginn, datt awer och net en conformité mat eisem Reglement eng Riedezäit géing virgesi gi bei deene Froen, déi et net an eisem Reglement gëtt, nämlech fir d'Orateure vun zwou op véier Minutten a fir d'Regierung eben op zéng Minutten ze goen, esou datt ee gesäit, jee nodeem wéi et ee grad arrangéiert, d'Reglement esou oder esou interpretéiert gëtt.

Ech muss Iech ganz éierlech soen, mir sinn als Gréng natierlech net averstane mat där Prozedur. Net well mer der Meenung sinn datt den Här Asselborn oder den Här Henckes hei solle keng véier Minutte kréien, loin de là. Mir sinn der Meenung als Gréng, datt den Här Asselborn an den Här Henckes hei sollen eng Véirelstonn oder zwanzeg Minutte kréien an d'Regierung net nëmmen zéng Minutten, mä zwou Stonne fir de Mëtteg heiriwwer ze debattéieren.

Ech gesinn net a firwat datt mer de Mëtteg elo sollen higoen, datt zwee Deputéierte kënnen hei gemittlech Froe stelle während véier Minutten, an d'Regierung hei kann am Prinzip zéng Minutten äntwerten, mä wa se sech referéiert op den Artikel 80 vun eiser Konstitutioun, vläicht och eng hallef Stonn oder Dräivéirelsstonn, an dann huet et sech. Da kënne mir erëm eng Kéier hei um Dréchene setzen, déi meescht Fraktioune kënnen da souwisou iwwerhaapt net Stellung huelen, hu kee Recht ze schwätze laut eisem Reglement.

Här President, dat si Prozedure wou ech fannen, angesichts der Problematik déi hei usteet, déi fir meng Fraktioun net tragbar sinn. Hei geet et ëm e Konflikt dee vun der Envergure hier eis an deem Mooss betrëfft an ech fannen, datt mer hei schonn oft ganz Mëtteger diskutéiert hunn iwwer vill méi niewesächlech Problematiken, déi et duerchweegs hätte misse méiglech maachen, datt mer hei zwou, dräi a véier Stonnen doriwwer diskutéiert hätten. Dann hätt ee kënnen eng sachlech Ausenanersetzung féieren iwwert dee problematesche Sujet ëm deen et hei geet. Dann hätt ee kënnen en uerdentlechen Austausch maachen tëschent Parlament a Regierung, an net dat wat mer elo maachen, wat eigentlech mat enger Debatt glat a guer näischt ze dinn huet, wou einfach de par et d'autre kuerz Froen an Äntwerte kommen an domat huet et sech.

Dofir, Här President, si mir op kee Fall d'accord, datt d'Reglement net applizéiert gëtt hei. Entweder mir bréngen et fäerdeg de Mëtteg elo eng Diskussioun ze féieren oder muer de Mëtteg, oder muer den Owend, eis ass dat egal, am Laf vun dëser Woch, oder mir bleiwe beim Reglement Fro an Äntwert, wat mir zwar net als de gudde Wee fannen. Wéi gesot, mir sinn der Meenung datt een eng aner Debatt hei hätt misse féieren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, viru ganz genee 14 Deeg huet d'Chamber hei d'Méiglechkeet gehat an enger Heure d'actualité déi ganz Irakproblematik duerzeleeën. Hei hunn all d'Fraktioune vun hirem Point de vue aus déi ganz Froen, déi sech gestallt hunn, beliicht a jiddereen hat d'Méiglechkeet fir seng Positioun ze erläuteren. D'Madame Ausseminister huet doropshi geäntwert.

Op där anerer Säit ass et esou, dass den nächste Freiden d'Inspektere Blix an El Baradei wäerten hiren neie Rapport virleeën. Den nächste Méinden ass eng Réunioun vun de Stats- a Regierungschefe vun der Europäescher Unioun, deementspriechend denken ech dass dës Woch an deem ganze Dossier esou vill Evolutioun ass, a wann ech nach déi Réuniouun vum nächste Méinden dobäirechnen, dass opgrond vun deem wat dës Woch geschitt, wat bei den UNO-Inspekteren erauskënnt, wat um Sommet vun der Europäescher Unioun erauskënnt, dass d'Chamber an där nächster Sitzung, wou se zesumme kënnt, ganz gutt kann zréckgräifen op déi Propositioun vun der sozialistescher Fraktioun an eng Heure d'actualité, opgrond vun deenen Elementer an denen Erkenntnisser déi mer dann hunn, op den Ordre du jour setzen.

Vu dass d'Reglement nun ebe mol dat ass wat et ass, si mer haut saiséiert mat enger Fro vum honorabelen Här Asselborn an enger vum Här Henckes, an ech denken, vu dass déi Froen, déi si uschneiden an hirer jeweileger Fro, trotzdeem vun esou enger Importenz sinn, mer elo net sollten iwwert zwou Minutte méi oder zwou Minutte manner streiden. D'Leit dobausse géife souwéisou net verstoen, dass d'Chamber elo hei streit ëm Minutten, wann et ëm déi dote Froen ze diskutéiere geet.

***(Interruptions)***

Une voix.- Si hunn deen Débat ofgelehnt, dat war et.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Mir hu keen Débat ofgelehnt. Et ass keen Débat hei laut eisem Reglement ugefrot ginn.

Une voix.- Da kommt, mir halen d'Reglement an.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Mir haten d'lescht Woch keng Demande virleien, wéi mir den Ordre du jour vun der Chamber opgesat hunn. Ech sinn Demandeur, dass d'Sozialisten hir Demande areechen an dass mer haut a 14 Deeg, opgrond vun deem wat ech virdru gesot hunn, hei déi Debatt féieren. Mir als Fraktioun wëllen an der Fro vum Irak Fridden oder Krich net mat Minutte rechnen. Vun eis aus kënne roueg den Här Asselborn an den Här Henckes hei mat fënnef Minutten hir Froe stellen an d'Regierung an enger normaler Zäit dorop äntwerten.

M. le Président.- D'Wuert huet gefrot den Här Asselborn.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här President, dat Thema wat mer diskutéieren ass esou seriö an esou eescht, dass ech géif een Appel un Iech maachen, Här Chamberpresident, an och un de President vun der Regierung, dass ech wierklech elo kéint am Numm vun eiser Partei, déi eng Fro gestallt huet, déi Der ofgewisen hutt als net urgent, wat Äert gutt Recht ass, mä et gëtt elo e puer urgent Froen déi ech wëll hei stellen un d'Regierung a wou ech gären elo eng Äntwert drop hätt.

De Mueren ass ee Kompromëss mat mir gesicht ginn, ob ech d'accord wär mat véier oder fënnef Minutten, dat heescht e wéineg méi laang Riedezäit anstatt een Débat d'actualité, deen Der wëllt refuséieren. Ech ginn 100%eg dem Här Bausch Recht, wann e seet de Statsminister hätt gesot um Briefing, et gëtt net an der Chamber diskutéiert, awer d'Deputéierten hei net emol d'Méiglechkeet kréiche fir dat ze maachen, ofgesinn dovun dass dertëschent ech d'accord war mat deem Accord am Intérêt vun der Saach. Awer wann ech gelift, Här President, schwätzt elo ee Wuert. Ech hu fënnef Minutten Zäit a géif gäre meng Froen un d'Regierung stellen.

M. le Président.- Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt, well mer hei jo ëmmer comparativ Zeitungslecturë matenee vergläichen, soen, dass ech am Briefing op eng Fro hi vun engem Journalist, d'Regierung hätt hir Positioun nach ëmmer net kloer gemaach, gesot hunn, et hätt mech iwwerrascht, dass no der Deklaratioun vun der Madame Polfer keng zousätzlech Froe gestallt gi wieren, obschonn déi Méiglechkeet besteet, an dass ech géif bedaueren dass, wann nach ee Besoin fir d'Debattéieren do wier, dat bei där Geleeënheet net genotzt gi wär.

Haut de Mëtteg si mer mat enger Fro vum Här Asselborn befaasst. Ech fille mech och obligéiert déi Fro vum Här Asselborn ze beäntwerten, well hien d'lescht Woch eng Question urgente gestallt huet mat détaillerte Froen op déi keng Debatt erfollegt ass, well déi Questioun als net dringend agestuuft ginn ass. Dofir fannen ech et normal am kollegialen Ëmgang mateneen, dass een déi haut beäntwert, an dat wat en haut freet an dat wat en d'lescht Woch gefrot hätt, wat entre-temps an eng geschriwwe Fro ëmgewandelt ginn ass.

Fir de Rescht wëll ech Iech soen, dass mer den nächste Méindeg e Conseil vun de Stats- a Regierungschefen hunn an d'Regierung prett ass den nächsten Donneschdeg vun der nächster Woch, d'Madame Polfer an ech, hei an d'Chamber ze komme fir eng Regierungserklärung mat uschléissender Debatt virzeleeën.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Propositioun vum Statsminister huele mir als Fraktioun gären un. Mir si bereet en Donneschdeg an aacht Deeg heihinner ze kommen an deen Débat ze féieren iwwert den Irak a par voie de conséquence iwwert d'Türkei.

Ech fannen dat eng excellent Iddi. Mir mussen eis nämlech och Rechenschaft driwwer ofleeën, dass mer e Reglement hunn. An esou laang wéi mer net no deem Reglement fonctionnéieren ass et hei de Chaos. Leschten Donneschdeg virun eelef Auer war keng Demande do, weder vun der grénger Fraktioun nach vun de Sozialisten, fir eng nei Debatt iwwert den Irakkrich ze féieren. Mir haten déi virun aacht Deeg. Ech sinn allerdéngs d'accord, an deem Domän do an an deem Sujet évoluéiert et vun Dag zu Dag an et kënnt een all Dag eng Debatt féieren. Mä et kommen awer elo zwee wichteg Elementer, déi den Här Weiler virdrun ugeschwat huet an och de Statsminister, an dofir ware mir d'accord am Kader vun eisem Reglement ze soen, et bien, deen Débat d'actualité fënnt dann an der nächster Sëtzung vun der Chamber statt. Dat wär haut a 14 Deeg. Dat ass nun emol d'Reglement an dofir kënne mir net…

***(Interruptions)***

Mä mir hunn nach een aneren Ordre du jour, dee jo awer zimlech fourni ass, dee mer opgesat hu fir dës Woch, an dofir géif ech mech am Numm vun der Fraktioun vun der DP deem ralliéieren, wat de Statsminister elo gesot huet, no deenen zwee wichtegen Evénementer, mat e Freideg de Rapport vum Här Blix an de Méindeg de Conseil européen, dass d'Chamber den Donneschdeg an aacht Deeg zesumme kënnt a sech déi noutwendeg Zäit gëtt fir iwwert den Irakkrich ze diskutéieren, a virun allem iwwert d'Konsequenze vun all deem wat elo geschitt, dass all Fraktioun ka seng Meenung dozou soen.

M. le Président.- Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech si jo frou ze héieren dass de Premierminister elo just gesot huet, dass en eng Regierungserklärung hei wëllt maachen. Ech wëll drop hiweisen, wa mer dat maachen en Donneschdeg a 14 Deeg…

***(Interruptions)***

D'nächst Woch en Donneschdeg? Ass dat da sécher? Well da musse mer fir den nächsten Donneschdeg eng Sëtzung hei festleeën.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Jo.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- D'nächst Woch een Donneschdeg? Hutt Dir schonn de Kalenner gekuckt. Mir ass et egal, ech kommen den nächsten Donneschdeg, den 20. Februar. Da muss een dat um Kalenner änneren, Här President, well eise Kalenner huet fir den 20. Februar bis elo keng Sëtzung virgesinn.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Hutt Dir da Schwieregkeete mam 20. Februar?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, absolut net.

## 6. Heure de questions au Gouvernement

M. le Président.- Mir kommen dann elo zu de Questiounen. Fir d'éischt Fro 269 vum Här Jean Asselborn un den Här Statsminister am Zesummenhang mam Konflikt am Irak. Déi Fro gëtt zesumme mat der Fro 270 behandelt, déi vum Här Henckes duerno gestallt gëtt. Den Här Asselborn huet Wuert.

- Question 269 de M. Jean Asselborn relative à la position actuelle du gouvernement luxembourgeois au sujet du conflit avec l'Irak

traitée conjointement avec la

- Question 270 de M. Jacques-Yves Henckes relative à l'aide militaire de l'OTAN à la Turquie

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Statsminister. D'Lëtzebuerger Populatioun ass, wéi d'Populatioun an alle Länner an der Europäescher Unioun, massiv géint eng militäresch Interventioun am Irak. D'Lëtzebuerger Regierung ass an eisen Aen net en phase mat hirer Populatioun. Si huet hire Camp gewielt, de Camp vun deenen déi just an enger militärescher Interventioun eng Léisung am Irak gesinn.

Dësen Débat, Här Juncker, ass vu kapitaler Wichtegkeet. Innepolitesch ass et eng Fro mat ausseposlitescher Portée selbstverständlech, mä déi jidder Lëtzebuerger staark betrëfft. Et kann een elo, wéi eis Regierung et dauerend gesot huet, net méi soen, d'Lëtzebuerger Regierung ass net an enger Krichslogik engersäits, an anerersäits sti mer awer trei zu der amerikanescher Regierung. Firwat geet dat net méi? Mir wëssen et. D'amerikanesch Regierung ass an enger Krichslogik. The game is over, huet den Här Bush gesot. Egal wat geschitt, mir schloen zou, eleng oder mat aneren.

Viru 14 Deeg beim Débat hei am Parlament ass Lëtzebuerg am Monde nach mat Däitschland, Frankräich an der Belsch genannt ginn, déi um Niveau vun der NATO, et war d'Sitzung vum 22. Januar, géint d'Krichslogik gewielt hunn. Mir waren houfreg op déi Positioun. Haut liese mer am Lëtzebuerger Wort op der éischter Säit eng Positioun vum Här Heck, dat ass de stännege Vertrieder vun de Lëtzebuerger bei der NATO, dee seet, dass dee Revirement um Niveau vun der NATO ënnert anerem ze explizéiere wier mat enger Debatt, déi hei am Parlament stattfonnt hätt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer hei wëlle wierklech nach eescht geholl ginn an der Lëtzebuerger Politik, da froen ech d'Lëtzebuerger Ausseministesch, si ass jo Chef vun eiser Diplomatie, si soll explizéiere wéi déi Positioun den 22. Januar zustane komm ass a wéi dat Revirement effektiv zustane komm ass.

An där Debatt, déi ech elo grad hei zitéiert hunn, huet d'Regierung gesot dass se net kéint d'accord si mat eiser Motioun, wou mer gefrot haten dass Lëtzebuerg sech sollt géint eng unilateral Aktioun am Irak ausschwätzen an näischt dierft ënnerhuele fir esou eng unilateral Aktioun ze ënnerstëtzen. Dës Motioun

ass, wéi ech gesot hunn, ofgewise ginn. D'Madame Polfer ass viru 14 Deeg iwwerhaapt net op déi Fro agaangen. De Premier huet e Freideg nom Conseil de Gouvernement, wou d'Madame Polfer net do war, gesot, dass selbstverständlech nëmmen am Kader vun engem Accord am Sécherheetsrot Lëtzebuerg d'accord wier.

Nun, de Premierminister, Här President, huet an engem Interview an der däitscher Zeitung Die Welt gesot, an ech zitéieren ee Saz: „Wir sollten uns als nationale Regierungen in keiner aussenpoliteschen Frage so apodiktisch festlegen, dass wir zu gemeinsamen Standortbestimmungen unfähig sind. Solange jeder zuerst an sich selbst denkt, ist die Europäische Union unfähig in Kriegs- und Friedensfragen." Dat ass eng Positioun, déi een ze respektéieren huet, mä dobäi kritiséiert de Premier d'Positioun vun enger Regierung aus engem Land, dat sech kloer vun Ufank u géint eng militäresch Aktioun am Irak festgeluecht huet.

De Premier kritiséiert och, an dobäi huet e mäin Appui, déi Aacht, déi jo ënnert der Féierung vum Här Aznar, vum Här Blair a vun aneren déi onageschränkte Solidaritéit zu der USA-Regierung deklaréiert hunn. Wou steet Lëtzebuerg, Här Statsminister, wann net bei Däitschland, bei Frankräich, bei der Belsch, net bei deenen Aacht? Här Statsminister, an eisen Aen gëtt et keen Niemandsland an där dote Fro.

Déi akut Fro ass déi, déi ech elo wëll stellen, nodeem wat gëschter geschitt ass um internationale Parquet. Steet Lëtzebuerg zur Initiativ vun den Däitschen, vun de Fransousen a vun de Russen? Eng Initiativ, Här President, déi sech an de Camp reit vun deenen déi nach hoffen, dass d'Inspektere missten eng Chance kréie fir d'Resolutioun 1441 ze erfëllen.

Nun, Madame Polfer, Dir hutt haut - Här President, wann ech mech däerf un d'Madame Polfer riichten - am Tageblatt der Madame Fonck een Interview ginn, wou Dir folgendes sot: „Je ne peux que répéter ce que j'ai dit mille fois, il faut rester dans le cadre d'un suivi international de ce dossier." Wéi gesot, dat ass kloer, mille fois kloer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Juncker sot och um Radio virun e puer Deeg, den US-President ass keen duerchgeknallten Typ. Doudsécher net. Do huet en och vollkomme Recht. Den amerikanesche President weess wat e wëllt. Hie wëllt Pax Americana seng Siicht vun de Saachen an der Welt octroyéieren, a wann et muss sinn och mat militärescher Gewalt.

D'Lëtzebuerger Wort schreift - an dofir zitéieren ech och dee leschte Saz - an engem Artikel vum Marc Glesener, deen iwwerschriwwen ass: „Klartext bitte! Und beide Länder" - also Lëtzebuerg an Amerika - „sollten ihre gute Partnerschaft auch weiterhin pflegen. Dabei darf und kann keiner uneingeschränkte Solidarität in allen Lebenslagen vom andern verlangen, schon gar nicht wenn es um Krieg, Leid und Zerstörung geht."

Här Juncker, ass eng Äntwert vun Iech méiglech, eng kloer Äntwert, wa méiglech net a Schachtelsätz an och net esou grouss Proklamatioune wéi tëschent dem Saddam Hussein an dem Här Bush. Weess d'Lëtzebuerger Regierung wou se steet? Dat hëlleft eis net virun, mä hëlleft dës CSV-DP Regierung - dat ass meng Fro - an der internationaler Communautéit mat der US-Regierung dem Här Bush ze soen, dass e sech selwer muss bremsen, dass d'Lëtzebuerger Regierung op därselwechter Wellelängt ass wéi d'Lëtzebuerger Vollek, also keng militäresch Interventioun wëll am Irak an och keng ënnerstëtzt? Well de Kampf géint den internationalen Terrorismus, esou gesinn d'Lëtzebuerger et, ass net mat Bommen op Bagdad ze léisen, well den Dialog vun de Kulturen, an ech denke virun allem un déi grouss Weltreliounen, gëtt mat esou enger Interventioun am Irak futti geschloen op ganz laang Zäit, well kee Land op der Welt seng Stäerkt asetze kann an och däerf a flagranter Violatioun mam internationale Recht, well een Zesummebrieche vun der Solidaritéit ënnert deene 15 an der Europäescher Unioun an deenen neie Memberlänner, virun allem am Oste vun der Europäescher Unioun, fatal wier fir de Fridden an Europa, a well honnertdausende Leit - an dat ass fir mech dat gréissten Argument - am Irak et net verdingen, no jorzéngtem laange Krich a Misär, elo vun amerikaneschen, vun engleschen, vun italieneschen, spueneschen an ech weess net wat fir enge Fligere bombardéiert ze ginn. Dat ass an eisen Aen géint dat elementaart Mënscherecht.

Här President, ech wëllt der Lëtzebuerger Regierung soen: Game over! Och si muss kloer soe wou se steet. Här Juncker, Madame Polfer, stitt Dir op der Säit vun deenen, déi am internationale Recht an der Diplomatie Instrumenter gesi fir friddlech Léisungen och a komplexe schwierege Froen ze sichen an ze fannen? Also d'Initiativ ënnerstëtze vun de Fransousen, vun de Russen a vun den Däitschen? Dat ass déi kloer Fro, déi ech stellen. Oder, Madame Polfer, Här Juncker, stitt Dir op der Säit vun deenen, déi internationaalt Recht béie wëllen an och d'Mëttelen dozou hunn dat Recht ze béien, fir Krich ze veräntwerten?

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Am selwechten Zesummenhang stellt den Här Henckes eng Fro iwwert d'NATO-Ënnerstëtzung vun der Türkei. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat net wëlles haut fënnef Minutten ze schwätzen, mä just nuren déi Froen ze stellen déi d'Aktualitéit ergëtt.

Ech muss éierlech soen, datt een net méi weess wat d'Attitude vun der Lëtzebuerger Regierung am Irakkrich ass. Et gëtt e puer allgemeng Texter, an deenen een dat eent an de Contraire dovu kann erausliesen. Dofir hätte mer gären, datt d'Lëtzebuerger Regierung Kloertext schwätzt.

Et gëtt dräi Campen. Ee Camp ass de Camp vum Fridden, representéiert duerch d'Belsch, Frankräich, Däitschland, Russland. Op där anerer Säit ass de Camp vun deenen, déi sech op d'amerikanesch Politik alignéieren. En drëtte Camp, dee vum Consensualisme, dat heescht vun deenen déi versichen nëmme keng Faarf ze bekennen. Do erënneren ech un dat, wat de fréieren Administrateur général vum Ausseministère geschriwwen huet: „Le consensualisme amène la dictature des bourriques et des francs-tireurs dans la politique internationale du pays." An ech fäerten, datt mer an där Hypothees dra sinn.

Dofir wollt ech froen: Wéi wor d'Attitude vun der Lëtzebuerger Regierung wéi d'Amerikaner gefrot hu fir eng Ënnerstëtzung ze kréien iwwert d'NATO an dem Irakkrich? Dat ass benotzt ginn iwwert eng Ënnerstëtzung vun der Türkei. Effektiv hu mer héieren, datt an der éischt d'Lëtzebuerger Regierung sech anscheinend op Säite vu Frankräich, der Belsch a vun Däitschland gestallt huet, an herno nees hir Meenung gewiesselt huet. Dat ass net gutt. Dat ass net kloer. Dofir meng Froen un d'Regierung. Si soll hic et nunc Kloerheet schafen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statsminister, den Här Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt heibanne keng zwee Lager: d'Lager vun deenen, déi de Krich verhënnere wëllen an d'Lager vun deenen, déi en absolut wëllen, oder sech resignativ mat der Perspektiv vum Krich offonnt hätten.

Egal wou mer hei sëtzen, ob lénks vum President oder riets, op de Still vun den Deputéierten oder op der Regierungsbänk, ech sinn iwwerzeegt dovun datt mer alleguer eng diplomatesch, eng politesch an eng friddlech Léisung vum Irak-Konflikt wëllen. All Krich ass eng Nidderlag fir d'Politik. Kee Krich ass gutt. An e Krich, och wann en eenzel grouss Problemer méi kleng ka maachen, mécht awer och vill grouss Problemer nach méi grouss.

Tëschent dem Ufank vun engem Krich a sengem Ënn, do leiden onschëlleg Kanner, Männer a Fraen, a fir déi Schwächst vun hinne geet dat Leiden nach laang nom Krich virun. Dofir ass de Krich net déi eenzeg Léisung. De Krich ass ni déi optimal Léisung, an dofir däerf ee sech och net vu senger Logik gewanne loossen.

Wann een de Krich wëllt verhënneren, an d'Lëtzebuerger Regierung wëllt mat deene bescheidene Mëttelen, déi hir sinn, dee Krich hëllefen ze verhënneren, da brauch ee staark Iwwerzeegungen. An déi staark Iwwerzeegungen, déi hu mir. An da brauch een och e klore Bléck. Mir probéieren deen ze hunn, obschonns d'Positioune vun eise Partner all Dag wiesselen. D'lescht Woch nach waren Däitschland a Frankräich fir eng zweet Resolutioun. Dës Woch si se géint eng zweet Resolutioun vum Weltsécherheetsrot. Och wann d'Positiounen all Dag wiesselen an d'Informatiounen, d'Fehlinformatiounen, d'Désinformatiounen eng déi aner joen, mir hu jiddefalls ee klore Bléck fir dat wat usteet.

Et steet un, dass den Irak muss entwaffnet ginn. Mat friddleche Mëttelen entwaffnet ginn. D'Resolutioun 687 huet dem Irak 1991 nom Golfkrich onzweedeiteg Oplage gemaach. Golfkrich, dee vun der deemoleger Lëtzebuerger Regierung nuancëlos ënnerstëtzt ginn ass, well d'Diplomatie gescheitert war an d'politesch Léisungsméiglechkeeten un hirem Enn ukomm waren. Dës Resolutioun 687 huet den Irak opgefuerdert op nuklear, op chemesch an op biologesch Waffen ze verzichten, grad och wéi op Rakéiten, déi méi wäit wéi 150 km géife fléien. Schonn ënnert der éischter UN-Inspektioun, déi vum Irak staark behënnert ginn ass, esou dass d'Inspekteren 1998 hire Réckzuch ugetrueden hunn, si lafend Verstéiss géint dës Resolutioun festgestallt ginn. Den Irak huet duerno och nach géint all déi aner Resolutiounen, déi deeselwechten Zweck haten - et waren der bis viru kuerzem 15 un der Zuel - verstouss.

Viru véier Wochen huet dofir de Weltsécherheetsrot eestëmmeg den Irak zur totaler Entwaffnung opgefuerdert an - Zitat - mat grave Konsequenze gedrot fir de Fall wou en dat net géif maachen. Den Irak muss laut Weltsécherheetsrot beweisen, dass en déi verbuede Waffen, déi en hat oder eventuell nach huet, zerstéiert huet oder zerstéiere wëll. Et ass net un den Inspektere vun der UNO, dat si keng Detektiven, ze beweisen, dass den Irak déi Waffen huet. Et ass laut Beschloss vum Weltsécherheetsrot um Irak ze beweisen, dass en déi Waffen zerstéiert huet. Den Irak huet d'Beweisflicht, net d'UNO. Den Irak huet se. D'Inspektere vun der UNO, den Här Blix un hirer Spëtzt, hunn a schaarfer Form de leschte 27. Januar de Weltsécherheetsrot driwwer informéiert, dass den Irak senger Beweisflicht, déi en operluecht kritt huet vum Weltsécherheetsrot, net nokënnt, dass en net aktiv géif kooperéieren, dass en d'Resolutioun 1441, vun där schwätze mer, net géif voll respektéieren.

Sämtlech Membere vum Weltsécherheetsrot, déi fënnef permanent an déi zéng aner, hunn dofir nom 27. Januar, an der Debatt vum Weltsécherheetsrot, den Irak eindringlichst opgefuerdert senger Beweisflicht, aktiv a proaktiv, nozekommen. Fir dem Irak grave Konsequenzen ze erspueren, ass ofgemaach ginn, a jiddferee war mat d'accord, dass den Drock op den Irak misst verstäerkt ginn an der Hoffnung, an dat ass och eis Hoffnung, dass aus der Krichsdroung keng Krichsféierung gëtt, mä dass d'Krichsdroung zur Krichsverhënnerung bäidréit. Dofir si mer, zesumme mat villen aneren, fir d'Verstäerkung vun der UN-Inspektioun, zueleméisseg a materiell. Dofir si mer derfir dem Irak eng lescht Chance ze ginn an Zäit, net allze vill Zäit, fir seng Positioun ze iwwerpréifen an esou d'Viraussetzung fir eng friddlech Léisung ze schafen.

De Saddam Hussein huet de Schlëssel an der Hand fir d'Dier opzemaache fir eng net militäresch Léisung hinzekréien. Mir mussen him, och a grad mat Rücksicht op d'Leit am Irak, déi fir dëse Konflikt net kënnen, déi dëse Konflikt net erbäigefouert hunn an op déi de Saddam iwwerhaapt keng Rücksicht hëlt, d'Hand forcéieren, fir dass en de Schlëssel hin zu enger net militärescher Konfliktléisung an de Grapp hëlt an déi Dier opspäert.

Krich ass keng Léisung, mä näischt maachen, dat ass och keng Léisung.

D'internationaalt Recht, wann et sech respektéiert a wann et wëllt respektéiert ginn, kann op international Sanctiounen net verzichten. Déi Sanctioune mussen am Kader vun der UNO a vum Weltsécherheetsrot getraff ginn, déi näischt däerfen onversicht loosse fir déi ultime Sanctioun vum Krich net brauchen ze ergräifen. Mir mussen der Ëmsetzung vun der Resolutioun 1441 all hir Chancë ginn. Wa se vum Saddam Hussein net ergraff ginn, da muss de Weltsécherheetsrot décidéieren. De Weltsécherheetsrot muss décidéieren.

Ech war Premier an enger Regierung, wou Krich gefouert ginn ass, ouni dass de Weltsécherheetsrot décidéiert hat. Dat war am Kosowo. D'Lëtzebuerger Regierung huet mat der NATO Krich géint dat fréiert Jugoslawien gefouert, ouni dass de Weltsécherheetsrot agegraff hätt an ouni dass et d'Couverture vum internationale Recht ginn ass. Ech hunn dat deemools leidend matgemaach, méi gelidden iwwregens wéi anerer an där Fro, an ech hätt net gären, dass mir erëm eng Kéier an esou enger Situatioun eis géifen erëmfannen.

Mir hunn ee klore Bléck fir dat wat usteet a mir hunn och e klore Bléck fir eis Bündnisverflichungen an der NATO. Mir hu viru Wochen erkläert, den 20. Januar, fir méi genau ze sinn, et wär virum Virleeë vun dem Rapport vun der UN-Inspekteren ze fréi, Planungsaarbechte fir de Schutz vun der Türkei an der NATO a mat der NATO unzefänken, well esou eng Décisioun an deem Moment kéint mëssverstane ginn. Nom Rapport vun den UN-Inspektere vum 27. Januar, an nodeem de Weltsécherheetsrot d'Konklusioun gezunn huet, den Drock op den Irak misst erhéicht ginn, hu mer fonnt, dass elo de Moment komm wär fir op déi türkesch Wënsch, op déi türkesch Ängscht an déi türkesch Problemer - d'Türkei ass een Nopeschland vum Irak, dat eenzegt NATO-Nopeschland vum Irak - ze reagéieren an op déi Wënsch, Ängschten a Problemer anzegoen.

D'Türkei ass eisen Alliéierten. D'Türkei spiert sech a Gefor. Dofir huet d'Türkei och gëschter den Artikel 4 vum NATO-Vertrag invoquéiert, deen Etats membres vun der NATO verflicht a Consultatiounen iwwert déi gefrote Schutzmoossnamen, déi een Alliéierte freet, anzetrieden. Dem türkesche Wonsch no Schutz net nozekommen, dat ass geféierlech, well dat werft Misskredit op d'Atlantesch Allianz, notamment a grad an der Türkei, wou de Wonsch no Protektioun an dësem Moment enorm développéiert ass. Et ass geféierlech fir deem Wonsch net nozekommen, well wann een ëm net nokënnt, et am Irak falsch verstane gëtt. D'irakesch Regierung huet haut erkläert, nodeem dräi NATO-Membere sech nach net zu deem Schrëtt konnten décidéieren, domat wär elo déi Drockkuliss, déi déi international Gemeinschaft opgebaut hätt, amgaang ze zerbröckelen.

Et wär also geféierlech fir der Türkei dee Wonsch, fir dass d'Aarbechten zu hirem Schutz géifen ugefaange gi geplangt ze ginn, ze refuséieren. Et wier geféierlech, mä et wier awer och geféierlech wann een net genau géif préifen, wat fir Moossnamen dass dann elo vun der NATO a vun den Alliéierten zur Applikatioun kommen. Dat genau ze préifen ass den Inhalt vun all deene Sitzungen, déi de Moment zu Bréissel am Kader vum NATO-Conseil stattfannen. 16 Memberstate vun der NATO gesinn dat genau d'selwecht wéi d'lëtzebuergesch Regierung dat gesäit. Dräi gesinn dat net esou, oder net grad esou.

Mir respektéieren dat a mir hunn, d'Madame Polfer an ech, vill a laang mat hinnen doriwwer diskutéiert. No Gespréicher mam President Chirac, mam Bundeskanzler Schröder a mat mengem belsche Kolleeg Verhofstadt kann ech Iech soen, dass si eis och verstinn, well si halen d'Evolutioun vun eiser Positioun, vu d'Festleeung déi mir viru Woche getraff hu mat Hiweis op deen éischte Rapport vun den UNO-Inspekteren, fir strikt logesch. Mir hu kee Problem mat eisen dräi Noperen a mir schwätzen och mat hinnen iwwer ënnerschiddlech Vüen, mä si ginn zou, déi Dräi, dass si een Timingsproblem mam Rescht vun deene 16 Alliéierten hunn. Mir sinn net, wéi dat an eenzelne lëtzebuergeschen Zeitunge stung, marginaliséiert, am Géigendeel. Mir si bei der Majoritéit vun den NATO-Memberstaten a mir hunn eis Positioun. Déi, déi se nach net deelen - maacht nu keng Wett op Minutten, op Stonnen a scho guer keng op Wochen -, sinn d'accord fir ze soen, dass se dat verstinn an dass se sech och a leschter Analys der Schutzdemande, der Schutzlogik, un déi d'Türkei hei appeléiert, net wäerten entzéien.

Mir hunn e klore Bléck fir eis Bündnisverpflichtungen an och fir d'Positioun vun eisen Noperen a fir d'Situatioun vun der Europäescher Unioun. Eis franséisch an iwwregens och eis belsch Noperen, schléissen de Krich als Mëttel zur Konfliktléisung net aus. D'Fransouse betounen et ëmmer erëm, dass se de Krich als Konfliktléisungsméiglechkeet net ausschléissen, d'Belsch hunn et virun enger halwer Stonn och erkläert.

Et misst ee probéieren, soen si, eng Situatioun ze schafen, dass et net zum Krich kënnt. Dat maache mir och, well mer deen ultimë Schrëtt vun der internationaler Gemeinschaft wëlle verhënneren. Eis däitsch Nopere wëllen a kenger Fassong e Krich legitiméieren. Dat erkläert sech zum groussen Deel aus der Geschicht vun dësem Land. Solle mer eis doriwwer bekloen, dass Däitschland sech an deene Froe méi schwéier deet wéi anerer, sech spontan an déi eng Richtung leet an net an déi aner? Ech bedaueren dat net. Ech kritiséieren dat net. Ech probéiere mer et aus dem geschichtlechen Trauma vun eisem gréissten Nopeschland eraus ze erklären.

Mir erkläre grad wéi Däitschland, dass mer alles wëlle maachen, mat wesentlech méi bescheidene Mëttele wéi anerer, fir de Krich ausze-

schléissen. Grad wéi Däitschland et erkläert huet, kënne mir, wann et zu enger Krichshandlung kënnt, eisen Obligatiounen als NATO-Alliéierten net entkommen. Mir iwwerhuelen eis Verpflichtungen, esou wéi de Bundeskanzler dat och erkläert huet, am Fall wou et dann awer géif zu engem Krich kommen, dee mer net wëllen.

Bei der Irak-Debatt, déi d'Chamber virun e puer Deeg oder virun e puer Woche gefouert huet, ass d'Suerg vu villen däitlech ginn op alle Bänken, datt déi gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik vun der Europäescher Unioun duerch dat ënnerschiddlecht Verhale vun de Memberstaten total onlieserlech ginn ass. Et ass d'Opfuerderung un d'Regierung komm sech aktiv fir d'Neeshierstellung vun der Kohesioun vun der Europäescher Unioun anzesetzen.

Dat hu mer gemaach: d'Madame Polfer, ech an anerer, an dat si mer och an dëse Stonnen nach amgaang ze maachen. Ech hunn dee leschten Donneschdeg mam däitsche Bundeskanzler Schröder e laangt, éischter e perséinlecht, well et war e Gespréich ënner véier Aen, jiddefalls e frëndschaftlecht Gespréich iwwer Mëttelen a Weeër gefouert, wéi een ënner Respekt vun der Resolutioun 1441 an hirer Entwaffnungszilsetzung kënnt Mëttelen, Elementer beienee leeën, fir dass et net zu enger militärescher Ausernanersetzung géif kommen.

Ech hunn och - jiddefalls huet hien näischt dovu gemierkt - den däitsche Bundeskanzler net öffentlech kritiséiert, obscho mer iwwert deen Interview, deen den Här Asselborn hei monéiert huet, och nach wéinst anere Passagen an deemselwechten, andeem mer mateneen d'accord waren, geschwat hunn. Ech hu gesot et wier net gutt wann europäesch national Regierunge sech géifen einseiteg esou festleeën, dass et herno net méiglech wier e Konsens ze fannen.

Et kann een engersäits net d'Noutwennegkeet vun der Kohesioun vun der europäescher Aussepolitik fuerderen a gläichzäiteg d'Method akzeptéieren, dass sech eesäiteg virun der gemeinsamer Beschlussfassung festgeluecht gëtt. Domat hunn ech, wéi aus der Ekonomie vun deem Interview ervirgeet, mindestens esou vill déi aacht gemengt, déi hire Bréif, hir Epistel op Washington geschéckt hu wéi déi, déi eng aner Positioun geholl hunn. Ech hunn dofir kee Problem mam Här Schröder. Do brauch och kee sech Suergen ze maachen.

Hien ass ausserdeem grouss genuch fir sech selwer ze verteidigen. Hie brauch keen aneren deen dat fir hie mécht, well et huet jo och an Däitschland keen Deputéierten eng Fro gestallt wéi den Här Schröder an enger Wahlkampfversammlung, wouriwwer mer och geschwat hunn, iwwer Lëtzebuerg hiergefall ass. Dofir, besonnesch wann ech nach näischt géint den Här Schröder gesot hunn, brauch et keen deen hien hei aktiv a proaktiv verteidegt. Mir ginn do scho mateneen eens.

Wann ech den däitsche Bundeskanzler net kritiséiert hunn an och der Meenung sinn dass een dat net soll maachen, a wann d'Lëtzebuerger Regierung also eenzeg vun deene 16 Alliéierten déi dräi net kritiséiert huet, déi gëschter eng aner Positioun geholl hu wéi déi 16 aner, da wëll ech mer et awer och net esou einfach maache fir an öffentlecher Ried den amerikanesche President iwwerméisseg, wéi ech fannen, ze kritiséieren.

Ech hunn nach an den Oueren, dass den Här Asselborn hei virun e puer Deeg gesot huet, wuertwiertlech: „Et ass décidéiert ginn zu Washington, dass geschoss a gebommt muss ginn, an dass och eng Zilscheif dofir hierhale muss." Esou kann ee schwätzen, wann ee Chef vun der Oppositioun ass. Esou kann een net schwätzen, wann ee Statsminister ass. Ech ka mech net hei an d'Chamber stellen, net an d'Televisioun setzen oder net op eng öffentlech Plaz goen a soen: „Den amerikanesche President wëllt ohne Rücksicht auf Verluste an ouni op Mënschliewe Rücksicht ze huelen mordicus ëm all Präis e Krich am Irak unzettelen." Dat kann ech net maachen, well géif ech dat maachen, da géif ech laangfristeg, och wann dat kuerzfristeg vläicht gutt ukënnt, de Lëtzebuerger Intérêten op eng ganz grave Aart a Weis schueden. Dofir kann ech déi Form vun öffentlecher Ausernanersetzung - grad wei d'Chefe vun auslännesche Regierungen och net -, esou net féieren. Ech kann déi Diskussioun esou net féieren. Ech muss se also verléieren, well ech kann net radikal rhetoresch an deene Froen optrieden.

Mä denkt un dat längerfristegt Interesse vum Land an denkt un déi traditionell gutt enk a frëndschaftlech Bezéiunge mat de Vereenegte State vun Amerika, iwwert déi ech och an dësem Haus scho ganz vill kritesch Riede gehalen hunn.

Ech hu scho munches erwähnt, wat ech un der amerikanescher Politik oder un der amerikanescher Fassong fir zesummenzeliewen, fir Wirtschaft ze verstoen a fir sozial Problemer ze léisen, respektiv net ze léisen.

Mä fir eng fundamental Kritik un der amerikanescher Regierung ze maachen a fir dem amerikanesche President, mat deem ech och doriwwer konnt schwätzen, ze ënnerstellen, dass egal wat géif geschéien hie mordicus Krich wëllt kréien, esou wéi wann hie gäre säi Krich hätt. Dat kann ech net maachen.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här Premier, ech hu just eng Zwëschefro.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Jo, gären. Ech hat jo gesot mir hätte sollen eng Debatt hunn.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här President, elo huet den Här Statsminister dat gemaach, wat hien am beschte kann, mä hien huet nach net op d'Froe geäntwert. Ech wéilt him elo eng konkret Fro stellen, nodeem wat hien elo grad gesot huet: Gesäit hien aus senger Siicht, dass Lëtzebuerg zum alen Europa gehéiert oder zum neien?

Plusieurs voix.- Oh!

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech wëll emol soen, Här Asselborn, dass zu enger Debatt gehéiert, dass een och - ech wëll dat awer net frech soen - nolauschtert.

Ech hunn hei ganz däitlech mech ageschriwwen an de Prolongement vun den Aktioune vun der UNO zur Begradigung vun dësem Konflikt. Ech hu ganz däitlech gesot, dass fir eis nëmmen eng Beschlussfassung duerch de Weltsécherheetsrot…

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- A wat fir engem Camp si mer, Här Statsminister?

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ma mir sinn am Camp vun deene Leit, déi sech u Verträg halen, an déi Verträg gesi vir dass et eng Charta vun de Vereente Natioune gëtt, an et ass e Weltsécherheetsrot dee se ëmsetzt. An deem Camp si mer. Mir sinn och am Camp vun deenen déi hir Obligatiounen am Kader vun der nordatlantescher Allianz a vun deene Verträg eescht huelen.

Dat Spill: So mer wéi vill belsch, wéi vill däitsch a wéi vill franséisch dass de bass, da soen ech der wéi vill amerikanesch dass de bass, dat maachen ech als Chef vun der Regierung net mat.

D'Lëtzebuerger Politik gëtt codéterminéiert vun deem wat aner Regierungen denken, mä si gëtt zu Washington net décidéiert, si gëtt och zu Berlin net décidéiert, si gëtt zu Paräis net décidéiert a si gëtt och zu Bréissel net décidéiert.

Mir mussen aus deem, wat d'Positioune vun deenen anere sinn, wat eis eegen Iwwerzeegunge sinn, déi Elementer zesummendroen, déi eng Positioun erginn. An ech hunn déi Positioun, wéi ech fonnt hunn, esou wéi dat och d'lescht Woch scho vun der Ausseministesch gemaach ginn ass, ganz kloer duergeluecht.

Dir hutt mech gefrot: „Sidd Dir fir de Krich?" Ech soen lech: Neen!

***(Interruption)***

Wat sot Dir?

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Wann dat dote stëmmt, Här Juncker,…

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ma dat stëmmt!

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- ...da gitt an de Camp vun deenen, déi effektiv d'Diplomatie benotze fir de Krich ze verhënneren an net an de Camp vun deenen, déi soen: Game over.

***(Interruption)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Et kënnt een ëmmer an d'Situatioun, dass ee séier zum Regierungsspriecher vum amerikanesche President gëtt, dat wëll ech tunlichst vermeiden, woubäi een anere Regierungschef an Europa entretemps als nëtzlechen Idiot beschriwwe gëtt. Dat ass eng Remarque, déi ech net op mech applizéieren.

Une voix.- Et war awer gutt gesot.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Jo, ech soen och dat net, well ech kritiséieren an öffentlecher Ried aner Regierungschefen net, mat deenen ech net d'accord sinn. Mat deem, vun deem gesot ginn ass, dass hien en nëtzlechen Idiot wier, sinn ech net d'accord op dëser Fro wéi op aneren och net, wéi all Mënsch weess.

Mir sinn dach net am Camp vun deenen, déi soen: Et kënnt soss näischt a Fro wéi Krich. Ech froe mech opgrond vu wat fir enger Äusserung vun der Ausseministesch, vu mir oder vu soss engem Member vun der Regierung, dass ee kann d'Behaaptung opstellen d'Lëtzebuerger Regierung wier mordicus an all Fäll an ouni Nuance fir d'Antrieden an e bewaffnete Konflikt mam Irak. Mir soe précisément, dass mir sollen der Resolutioun 1441 nach weider Chancen araumen.

Mir soen esou wéi déi Däitsch, esou wéi d'Fransousen, esou wéi d'Russen...

***(Interruption)***

Muss een lech da soen „wéi d'Russen", wann ech soen, dass mer der Meenung sinn, dass een d'Zuel vun den Inspektere soll vergréisseren, dass ee méi Zäit soll hunn? Dat si Positiounen, déi identesch si mat deenen, déi an deene leschten Deeg bezu gi sinn. Dann dréint dach net dat ëm, wat ech kloer, eendeiteg, d'une façon non équivoque hei soen, an zwar dass mer mengen, dass alles misst gemaach gi fir de Krich ze verhënneren, dass der Diplomatie weider Chancen a weider Zäit misst ageraumt ginn, andeem Der esou maacht wéi wa mer an dësem Camp oder an deem Camp wieren.

„The game is over" soe mer och, wann et drëm geet dass den Irak sech aktiv a proaktiv drëm bekëmmert den Oplage vun der Resolutioun 1441 Rechnung ze droen. Do ass de Game over, well dee Mann huet déi international Gemeinschaft laang genuch un der Nues erëmgefouert. Mir sinn trotzdeem der Meenung, dass weider Méiglechkeete musse geschaf ginn am Kader vum UN-Inspektorat an am Kader vun den techneschen Iwwerwaachungsméiglechkeete fir laanscht déi exklusiv, déi funeste Logik vum Waffegang ze kommen.

An do si mer net esou anzereie wéi Dir elo gären hätt dass mer géifen agereit ginn. Ech hunn den Androck dass dat, wat ech hei virdroen, lech eigentlech stéiert, well et net deem entsprécht wat Dir gehofft hutt, dass ech géif soen.

***(Interruption)***

Mä ech soen nach eng Kéier: Dat Spill, wat doranner besteet, fir esou ze maache wéi wann déi 14 Membere vun der Regierung plus d'Deputéierte vun der Majoritéit fir de Krich wieren an déi aner wieren et net, dat ass e Spill - wann et dann e Spill wier - wat net opgeet. Dat hei ass net d'Stonn vun der Innenpolitik. Dat hei ass d'Stonn vun der klorer aussepolitescher Formuléierung vu Positiounen an d'Stonn fir Gespréicher ze féiere mat deenen, déi gelungenerweis jo awer nach Wäert drop leeë wat fir eng Meenung dass mer hunn.

A Gespréicher mam...

Une voix.- Dir wollt jo awer och en Débat mat eis.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Jo, jo, ech hunn näischt dergéint.

Ech soe just, wann ech dem Här Schröder soen: „Ech sinn d'accord, fir dass mer d'Resolutioun 1441 probéiere mat deenen an deene Mëttelen ze verlängeren", da seet hien: „D'accord." A wann ech dat hei an der Chamber virdroen, da freet den Här Asselborn mech awer: „A wat fir engem Camp sidd Der?" Dat ass déi ënnerschiddlech Reaktioun, déi een do kritt.

An de Gespréicher mam däitsche Bundeskanzler, mam franséische President, mam griichesche Premier Simitis, deen de Moment President ass vun der Europäescher Unioun, a mat menge belschen an hollännesche Kolleegen hunn ech mech och opgrond vun där Debatt, déi mer hei an der Chamber haten, wann et net souwisou schonn eis perséinlech Meenung gewiescht wier, staark dofir agesat, dass dringendst eng Sitzung vum Conseil vun den europäesche Stats- a Regierungschefe stattfënnt, fir iwwert déi Situatioun an där mer sinn ze schwätzen.

Wann d'Europäesch Unioun sech um héchsten Niveau net zesummefënnt wann et iwwer Krich an iwwer Fridde geet, da brauche mer iwwerhaapt keng Sitzung méi an da kënne mer déi ganz Veranstaltung souwisou ofblosen. Mir wäerten eis, d'Madame Polfer an ech, an deene Sitzunge vum nächste Méindeg a vum nächsten Dënschdeg dofir asetzen - dat ass noutwenneg -, dass mer an Europa zu enger geschlossener, zu enger tragfäeger an och zu enger op Dauer belaaschtbarer Positiounsbeschreiwung kommen, déi den eigentlechen Ambitiounen, och den eigentleche Friddensambitiounen, vun der Europäescher Unioun Rechnung dréit. Et muss déi europäesch Positioun sinn, fir alles ze maache fir de Krich ze verhënneren a jiddferee muss do eng Hand mat upaken.

Dofir muss et och, wann dat d'Positioun vun der Europäescher Unioun ass fir de Krich ze verhënneren, d'Positioun vun der Europäescher Unioun si fir alles ze maachen, fir dass de Saddam Hussein a säi Regime alenken an deenen Obligatiounen entspriechen, déi d'Resolutiounen, 16 un der Zuel, zënter 1991 vum him verlaangen.

Här President, en vue vun deene Sitzunge vun der nächster Woch si mir net optimistesch, vu déi séier ënnerschiddlech Positiounen, déi d'Memberstate vun der Europäescher Unioun ageholl hunn, mä mir sinn awer och grad esou décidéiert.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Bausch freet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech hu Parole après ministre gefrot, well ech awer e puer Saache wëll heizou soen, zu deene 25 Minutten, wou de Statsminister elo Zäit hei hat Erklärungen ofzeginn.

Ech mengen als éischt - an eigentlech géif ech soen, dass jiddfereen heibannen där Meenung ass -, dass et evident ass, dass natierlech eng parlamentaresch Oppositioun anescht ka mat esou engem Sujet ëmgoe wéi eng Majoritéit, a virun allem wéi eng Regierung a wéi e Premierminister. Ech mengen dat ass evident. Och kann ech verstoen, dass, wann e Premierminister - egal vu wat fir engem Land dass hie Premier ass - op dem internationalen diplomatesche Plang muss operéieren, hie méi eng diplomatesch Sprooch muss gebrauche wéi dat zum Beispill eng parlamentaresch Oppositioun ka maachen, déi jo och en anere Rôle ze spillen huet an esou enger Situatioun an déi méi offe schwätze kann.

Mä ech mengen et gëtt awer en Ënnerscheed tëschent diplomateschem Sproochgebrauch, dem net brüskéiere vun aneren, an offen eng Rei Fakten op den Dësch ze leeën esou wéi se nun emol sinn an déi entre-temps och - muss ech soen - vu ganz wéinege Leit nach contestéiert ginn. Ech muss och doriwwer eraus soen, wann ech vun diplomateschem Sproochgebrauch schwätzen an ech mer dann de sougenanntenen diplomatesche Sproochgebrauch vun de Vereenegte Staten a vun hirem Verteidegungsminister zum Beispill ukucken, da komme mer awer grouss Bedenken iwwert wien do wat nach eescht mengt, wann een iwwer Diplomatie am Moment diskutéiert.

Wann ech héieren, wat vun amerikanescher Säit u Brüskéierungen, un Drockmëttelen an deene leschte Méint, dat heescht währenddeems wou déi Resolutioun, vun där den Här Statsminister elo grad geschwat huet, sollt ëmgesat ginn, also vun de Vereenegte State komm ass, dann hunn ech awer meng Bedenken doriwwer ob dat nach vill mat Diplomatie ze dinn huet an ob da wierklech dat Zil bei Verschiddenen, an de Käpp op alle Fall, wëllt erreecht ginn, wat an der Resolutioun 1441 festgehalen ass.

Ech stelle fest, dass quasi vun deem Dag u wou déi Resolutioun am UNO-Weltsécherheetsrot effektiv eestëmmeg décidéiert ginn ass, a während deene ganze Wochen duerno den Här Bush, seng Vertrieder a seng ganz Administratioun quasi gebetsmillenhaft widderholl hunn, dass egal wat passéiert si och amstand sinn, wa se keng Majoritéit herno am Weltsécherheetsrot zum Beispill sollte kréien, respektiv wann ee vun deene fënnef Staten, dat e Veto huet am Weltsécherheetsrot, dee wëllt asetzen, si sech dann iwwert d'UNO wäerten ewechsetzen a souwisou awer dat géinge maache wat si wéilten a wat si géife fir richteg fannen.

Dat ass e Fakt mat deem ee während deene leschten zwee Méint konfrontéiert ginn ass an deen eiser Meenung no op alle Fall diplomatesch gesinn net dozou bäigedroen huet fir d'Situatioun ze verbesseren a fir déi Eenheet och ze behalen an der internationaler Communautéit géint de Saddam Hussein, déi ee menger Meenung no oder eiser Meenung no muss hunn, wann een hei eppes erree-

che wëllt. Ech mengen, dass d'amerikanesch Administratioun un éischter Stell selwer duerfir responsabel ass, dass et zu deene Rëss an där entscheedender Haltung par rapport zu dem Diktator Saddam Hussein komm ass.

Wann ech dann esou Sprëch héiere wéi „Wien net fir eis ass ass géint eis" an esou weider an esou fort, da muss ech soen, da kréien ech nach méi Bedenken. Grad esou wann ech dann nach héieren, dass zum Beispill den NATO-Partner Tierkei natierlech dee bestëmmten Artikel, wou et drëms geet dass Memberstaten hinne solle Schutz bidden am Fall vun enger Attack, zu dësem Zäitpunkt, wou jo eigentlech nach keen objektive Grond besteet, ugefrot hunn, well massiven Drock ausgeübt ginn ass aus de Vereenegte Staten.

Mir wësse jo zum Beispill, dass d'Tierkei als Stat héich verscholt ass, an dass déi meescht Kreditter, déi d'Tierkei als Stat kritt huet, der ware vun de Vereenegte Staten an dass dat dofir en immenst Drockmëttel ass. Dat ass entre-temps och kee Geheimnis. Dat gëtt emol net méi vun den offizielle Stellen international verheemlecht. Da kann ee sech awer Froe stellen iwwert den diplomatesche Virgang, dee mer hei am Moment erliewen.

An da wëll ech drop hiweisen - mir hu jo elo hei de Golfkrich vun 1990 an de Kosowo-Krich zitéiert kritt -, dass déi zwee doru maßgeblech bedeelegt Generäl, den Här Schwarzkopf am Golfkrich an den Här Wesley Clark, deen am Kosowo den Haaptkommandeur war, géint déi doten Approche sinn an net midd ginn am Moment an de Vereenegte Staten ze versichen, mat deene bescheidene Mëttelen, déi se hunn, drop hinzeweisen, dass se dat, wat do passéiert de Moment, als eng Aventure ugesinn.

Den Här Wesley Clark huet virun dräi Deeg nach an der Deutsche Tageszeitung en Interview ginn, wou hien drop higewisen huet, dass hie wierklech immens Gefore gesäit bei där doter Strategie an dass hien eigentlech der fester Iwwerzeegung ass, dass déi Strategie vun där doter Administratioun näischt bréngt. Dat heescht also, och wann een diplomatesch wëllt diskutéieren, a wou ech d'accord si mam Premierminister, da muss een et awer zumindest nach fäerdeg bréngen eng Rei Fakten op den Dësch ze leeën.

Ech mengen, wann ech engem wéi dem belschen Ausseminister, dem Här Louis Michel, dee jo éischter aus dem liberale Camp kënnt - dee kënnt jo net aus dem Camp vu menger Partei -, säi Sproochgebrauch an deene leschten zwee Deeg héieren hunn,...

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Här Bausch, Dir musst zum Schluss kommen, well Dir hutt elo fënnef Minutte geschwat, obwuel et am Reglement net virgesinn ass, dass een no enger Questioun nach kann eng Fro stellen. Dat ass nëmme virgesi beim Discours, mä mir maachen haut eng Ausnahm, och fir déi aner.

Ech géif lech awer bieden lech kuerz ze faassen. Dohanne sëtze Ministeren, déi si bestallt fir Froen ze beäntwerten, déi hu Verpflichtungen an déi musse goen. Dofir hätt ech gären, Dir sollt lech op dat Wesentlecht beschränken an net en Discours halen, wou Der gesot hutt Dir géift eng Fro stellen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech hunn net gesot ech wéilt eng Fro hei stellen. Ech hu gesot ech wëll Parole après ministre, fir eng Rei Saachen hei...

M. le Président.- Jo, mä dat fält net ënnert d'Reglement. De Minister huet keen Discours gehal, well dat hei ass eng Froestonn.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, bei deem wat mir hei de Mëtteg bis elo gemaach hunn ass näischt ënnert d'Reglement gefall, weder d'Riedezäit vun den Deputéierten nach déi vun der Regierung.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Déi fënnef Minutten, déi Dir geschwat hutt, hutt Dir net zegutt. Mir kënnen haut jo eng Ausnahm maache fir déi eng wéi fir déi aner.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, och déi aner, déi all hei geschwat hunn, haten net déi 25 Minutten zegutt, mä déi fënnef Minutten zegutt.

***(Interruption)***

M. le Président.- Jo, mä et muss een awer och Rücksicht huelen op déi aner Leit. Et sinn nach Froen do an d'Ministere sëtzen do ze waarde fir Froe gestallt ze kréien. Si hunn Engagementer, a mir maache grad wéi wann näischt geschitt wier.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech hat eng aner Saach hei gefrot, eben aus deem heite Grond, well ech gesot hunn dass hei vill Saachen, vill Froen, vill Diskussiounspunkte sinn iwwert déi ee kéint e fruchtbaren Austausch kréien. Dofir war ech jo der Meenung et soll een haut de Mëtteg doriwwer schwätzen. Ech hunn och gesot, Här President,...

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här Bausch, am Kader vun der Deklaratioun vun der Regierung kréie mer d'nächst Woch alleguer Zäit, fir all déi Froen do ze diskutéieren.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här Weiler, da muss ech lech soen, dann hätt den Här Premierminister de Mëtteg net sollen eng Deklaratioun maache vu 25 Minutten, mä hien hätt solle prezis dem Här Asselborn an dem Här Henckes seng Froen beäntwerten. Dann hätt ech guer kee Grond gesi fir hei d'Parole après ministre ze froen.

Mä genau well ech jo am Ufank vun der Sëtzung wosst, dass dat net géif passéieren an dass hei einfach d'Tribün benotzt gëtt fir eng Deklaratioun ze maachen, war ech am Ufank géint déi Prozedur. Et ass jo net fir d'éischte Kéier, dass mer dat hei materliewen. Ech fannen et schued, dass mer...

M. le Président.- Här Bausch, Dir hutt Är Deklaratiounen elo gemaach, da kommt elo zum Schluss.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President , ech hätt nach e puer Sätz ze soe gehat an da wier ech souwisou fäerdeg gewiescht.

Ech sinn also der Meenung, dass et schued ass, dass mer de Mëtteg déi dote Saachen net konnte méi am Detail diskutéieren, well wéi gesot, et geet hei eigentlech net méi ëm déi ausschliisslech Fro ob déi Resolutioun 1441 ëmgesat soll ginn oder net. All Mënsch heibannen, all Deputéierten heibannen ass där Meenung, dass déi Resolutioun misst erfëllt ginn.

Et hätt ee missen haut de Mëtteg iwwert de Fait diskutéieren, ob international nach wierklech bei allen Acteuren, déi de Moment bedeelegt sinn, de wierkleche Wëlle besteet fir déi dote Resolutioun ëmsetzen. Et ass dat wat, Dir Dammen an Dir Hären, de Moment usteet.

Ech fannen et dofir nach eng Kéier, wéi gesot, bedauerlech, dass mir et net fäerdeg bruecht hunn de Mëtteg een aneren Austausch ze féieren. Ech hätt dat vun Ufank u léiwer gehat. Mir hätten dat solle festleeën, dann hätte mir eng ganz aner Diskussioun kritt wéi déi, déi mir haut de Mëtteg kritt hunn, déi net ëmmer och am Intérêt vun der Saach war, dat ginn ech gären zou.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll net méi zum Fong vun deem agoe wat hei zur Diskussioun steet, mä ech wëll just iwwert d'Prozedur eng Remarque nach maachen.

Wann ech bedenken, dass mir haut hei eng Prozedur gewielt hunn déi et an eisem Reglement guer net gëtt, déi och néierens esou festgehale ginn ass, mä déi en Arrangement anscheinend ass tëschent Parteien, a well ech weess dass d'Kolleege vun der sozialistescher Fraktioun eng Heure d'actualité ugefrot hunn, a well ech weess dass mir elo quasi annerhallef Stonn amgaang sinn ze diskutéieren, woubäi mir dee gréissten Deel vun der Zäit iwwer Prozeduren diskutéiert hunn, da fannen ech dass dat allerdéngs e ganz schlechte politesche Stil ass.

Den Här Statsminister ass jo heihinner komm, souguer preparéiert, e wosst jo dass en dat net kéint a fënnef Minutte soe wat en a 25 Minutte gesot huet, dann hätt ee sollten esou fair sinn a soen, mir huelen déi Demande vun de Sozialisten un, déi wuel nom Donneschden erakomm ass, well d'Thema ass jo aktuell an et ass jo och genuch vun der Regierungssäit ze soen. Bei der Heure d'actualité hätt all Partei hir zéng Minutte geschwat. D'Regierung hätt hir 20 oder 25 Minutte geschwat, wéi se et ebe gebraucht hätt. Dann hätte mir eng seriö Debatt kritt zum Fong vun der Saach an hätten net eng Dräivéirelsstonn iwwert d'Prozedur geschwat.

Mir hunn eis de Mëtteg virum Land erëm lächerlech gemaach. Et hat eng Kéier ee vun den Deputéierte gesot, mir wären dat dommste Parlament vun der Welt. Wa mer esou weiderfueren, dann hat dee vläicht Recht.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Statsminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, ech si guer net der Meenung, dass dat heiten dat dommste Parlament vun der Welt ass, well all demokratesch gewielte Parlamenter réflétéieren d'Meenung vun de Leit. Et ass ee Feeler fir d'Leit fir domm ze halen, an et soll een och net probéiere se fir domm ze verkafen.

Ech hunn haut de Mëtteg zwou mëndlech Froe vum Här Asselborn, plus eng vum Här Henckes beäntwert, plus véier schréftlech Froe vum Här Asselborn, esou wéi dat ofgemaach war. Dat waren der zesumme siwen an dofir brauch een eng gewëssen Zäit. De Respekt virum Parlament wëllt et, dass een d'Saachen am Zesummenhang duerstellt, anstatt dass ee just opsteet a neen a jo seet zu deene Froen, déi jo awer aus enger eeschter Suerg eraus gestallt gi sinn.

Obschonn dass ech 25 Minutte geschwat hunn an obscho mer jo d'nächst Woch nach eng Kéier, d'Madame Polfer an ech, erëmkommen, huet den Här Bausch awer net zur Kenntnis geholl wat mir gesot hunn. Ech ka mech hei net mat de Meenunge vun eenzelne fréieren amerikanesche Generäl, vun deenen ech een och nach ganz gutt kennen, auserneesetzen, mä muss mech mat der Sachlag auserneesetzen, esou wéi se de Moment an der Allianz an an der Europäescher Unioun ass. Ech hunn all déi Äusserungen, déi den Här Rumsfeld, dee nu wierklech net vun deem exzessiivsten diplomatesche Gescheck heemgesicht ass, a leschter Zäit gemaach huet, schaarf zréckgewisen: Al-Europa, Nei-Europa, Däitschland mat Kuba, mat Libyen verglach, alles dat hunn ech, wann och net an der lëtzebuergescher Press, awer do wou ech gefrot si ginn, zréckgewisen.

Ech hunn de Mëtteg däitlech gemaach, dass fir eis et esou ass, dass der Resolutioun 1441 all weider Chancë mussen ageraumt ginn, dat heescht däitlech dass d'Lëtzebuerger Regierung net der Meenung ass, dass elo ab sofort e Krich ka gefouert ginn opgrond vun der Resolutioun 1441. Ech hunn de Mëtteg Weeër gewisen, notamment d'Augmentatioun vun der Zuel vun den Inspekteren, dat technescht Equipement vun den Inspektere fir där Resolutioun zu hirer Duerchsetzungsfäegkeet ze verhëllefen. An ech hu gesot, wann dann den Här Saddam Hussein net géif sech an déi richteg Richtung beweegen, da misst de Weltsécherheetsrot am Kader vum internationale Recht eng Décisioun huelen.

Ech mengen dat war, esouguer fir Net-Diplomaten, an ech gehéieren zu den Net-Diplomaten, eng relativ däitlech Ausso. Ech quälen lech och net dermat fir genau mir ze erkläre wat d'Positioun vun der däitscher Regierung ass.

***(Interruptions diverses)***

Jo, mech quält Der hei mam Wesley Clark a mam Schwarzkopf.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Neen, ech hunn lech mat den Aussoe konfrontéiert vum amerikanesche President, dee schonn zënter zwee Méint seet: Egal wat d'UNO décidéiert, herno maache mir awer wéi mir wëllen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Jo, ech hunn lech virdru geäntwert an ech hunn lech elo geäntwert. Et ass fir d'Lëtzebuerger Regierung just eng Décisioun, wann déi ultime Sanctioun am Kader vum Weltsécherheetsrot ka geholl ginn, wat eng Äntwert ass op dat wat Dir gefrot hutt, wat och eng Äntwert op dat ass, wann dat dann esou interpretéiert gëtt wéi Dir mengt, wat den amerikanesche President gesot huet.

Mä déi däitsch, déi franséisch an déi belsch Attituden, déi kënnen net op eng Linn gesat ginn, dat wëssen déi Dräi ganz gutt, an dat ass ganz genau net identesch mateneen. De belschen Ausseminister, dee mir ganz gären hunn hei zu Lëtzebuerg, huet, virun enger halwer Stonn ier ech ugefaangen hunn, erkläert, et kënnt een de Krich net ausschléissen an d'Belsch géif dat net maachen. Frankräich huet nach ni gesot, dass et net a leschter Instanz awer zu engem Krich kéint kommen. Mä alleguerten déi, wéi mir och, probéieren dass et net dozou kënnt.

An ech mengen dass déi Aussoen, déi d'lescht Woch hei gemaach si ginn an déi haut hei gemaach si gi bei den Äntwerten op d'Fro vum Kolleeg Asselborn an och bei där klenger Äntwert un lech, déi sinn däitlech wat d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung ubelaangt a wat fir eng Positioun dass se an der EU-Diskussioun hélt, och an der NATO-Diskussioun geholl huet. Ech hunn lech dat duergestallt.

Et gëtt och Regierungen - ech kritiséieren dat net, ech weess no laange Gespréicher firwat dass dat esou ass - déi den Hollänner Patriot-Rakéite ginn, se an d'Türkei féiere loossen a selwer keng Zaldoten do stationéieren. D'Saache si ganz komplizéiert. Den Här Bausch huet Recht, et brauch ee méi wéi 25 Minutte fir driwwer ze schwätzen, an en huet och Recht dass déi, déi an der Regierung sinn, sech net kënnen esou ausdrécke wéi hien.

M. le Président.- Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, mir kréie vun der Oppositioun elo dauernd un de Kapp geworf, mir géingen eis net un d'Reglement halen. Et ass deelweis berechtegt an dofir géing ech proposéieren, vu dass mir jo als éischte Punkt vum Ordre du jour eng Heure de questions hunn an déi elo schonn eng hallef Stonn iwwerzunn hunn, dass mir Dënschdeg fir Dënschdeg verlaangen, dass d'groussherzoglech Regierung hei vollstänneg present ass, fir dass se kann op eis Froen äntweren.

D'Ministeren hunn elo während anner halwer Stonn hei gewaart fir op déi Froe kënnen ze äntwerten déi nach ustinn an dofir géing ech proposéieren, mir géingen eis un eist Reglement halen, an zwar d'Heure de questions ass eriwwer an d'Ministere géinge schréftlech op déi Froen, déi haut sollte mëndlech gestallt ginn, äntweren a mir géinge mat eisen Ordre du jour virufueren.

***(Protestations)***

M. le Président.- Entschëllegt ee Moment, ech wollt eng Propositioun maachen. Mir hunn eis Zäit iwwerzunn, dat ass an der Rei. Dat ass heiansdo net ze vermeiden, mä mir hunn nach zwou Froen un d'Ausseministesch déi, menger Ansicht no, awer wichteg sinn, déi solle mir elo nach huelen, an da géinge mir d'Froestonn fir haut bëendegen a virufuere mam Rescht vum Ordre du jour, well mir hu jo och nach eng Rei wichteg Gesetzer ofzestëmmen.

Den Här Fayot an den Här Henckes hunn eng Fro, déi ähnlech gelagert ass, un d'Madame Ausseministesch ze stellen. Déi béid Deputéiert kënnen hir Fro elo nach stellen an da géinge mir d'Froestonn ofschléissen an déi aner Froen op déi nächst Sitzung vertagen.

Här Fayot, Dir hutt d'Wuert fir Är Fro ze stellen iwwert de Rapport vum eemolege Generalsekretär vum Ausseministère.

- Question 271 de M. Ben Fayot sur le rapport de l'ancien secrétaire général du Ministère des Affaires étrangères, M. Alphonse Berns, concernant le fonctionnement du ministère

traitée conjointement avec la

- Question 272 de M. Jacques-Yves Henckes relative au rapport respectivement la note de décembre 2002 de l'ancien Secrétaire général du Ministère des Affaires étrangères

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, et geschéie gelunge Saachen am Stat Lëtzebuerg. En héichrangegen Diplomat en activité schreift 50 Säiten iwwer seng Zäit als Generalsekretär vum Ausseministère vun 1998 bis 2002. En übt doranner schaarf Kritik un de bestehenden Zoustänn an deem Ministère a selbstverständlech schléit déi Kritik op déi politesch Responsabel zréck.

Dorop ugeschwat, seet d'Madame Ausseminister, et géif sech ëm perséinlech Reflektioune vum Här Berns handelen, et wär weider näischt Neies wéi dat wat schonn ëmmer am Ministère diskutéiert gi wär.

Dat wéinescht wat ech vum Rapport aus der Press konnt liesen, léisst erkennen, dass et gravéierend politesch Problemer gëtt. Et sinn déi, déi d'Chamber interesséieren. Dofir froen ech, dass d'Chamber dëse Rapport kritt a mat de politesche Responsabelen an der aussepolitescher Kommissioun driwwer schwätzt. Wat sinn déi Problemer?

Ëm d'Europa- an d'Aussepolitik bekëmmere sech zu Lëtzebuerg dräi vun den héchste politesche Responsabele vun der Koalitioun: den absolute Leader vun der CSV an déi zwou héchst gewielte Perséinlechkeete vun der DP, also de Premier Minister, den Ausseminister an den Arméi- a Kooperatiounsminister.

Et ass ganz offensichtlech, dass de Premier Minister an der Aussen- an an der Europapolitik ee wichtegt Wuert matschwätzt. Nach leschte Freideg huet e kloer gemaach, dass hie responsabel fir d'Sëtzpolitik zu Lëtzebuerg ass, während d'Fonctionnairen, déi sech ëm d'Inhalter dovu bekëmmeren, am Ausseministère sëtzen.

An der Europapolitik ass de Premier Minister deen, deen déi wesentlech Orientatioune festleet a se de Leit heiheem grad esou gutt wéi der internationaler Press matdeelt.

Et ass och offensichtlech, dass d'Zesummeleeë vun Défense an Aussepolitik an engem Ministère mat zwee politesche Schwéiergewiichter, esouguer wa se aus enger Partei kommen, keng gutt Léisung ass. Och do ginn am Rapport vum Här Berns eng Partie Problemer duergeluecht. Et gëtt also grondlegend politesch Problemer duerch déi Choixen, déi CSV an DP den 19. August 1999 getraff hunn.

Meng Fro un d'Madame Ausseminister ass net dass se haut zu all deene praktesche konkrete Problemer hei a fënnef Minutte Stellung soll huelen, mä si ass ganz einfach déi hei: Ass se bereet virun d'aussepolitesch Kommissioun vun der Chamber ze kommen a mat der Chamber iwwert déi Froen zesummen ze diskutéieren, déi den Här Berns, ech mengen en toute bonne foi, a sengem Rapport behandelt?

Merci.

M. le Président.- Eng ähnlech Fro stellt den Här Jacques-Yves Henckes. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann e ganz importente Fonctionnaire aus dem Ausseministère, de Generalsekretär, higeet an iwwer en E-mail vu 50 Säiten iwwerall e Bericht ofgëtt iwwer grave Dysfonctionnementer am Ausseministère, iwwer falsch Informatiounen déi verbreet gi sinn, iwwer falsch Orientatioune vun der nationaler Politik, datt de Consensualisme esouwäit gefouert hätt am Ausseministère, datt et haut nure méi d'Bourriquë wieren déi géifen am Ausseministère décidéieren, ech mengen da sinn dat relativ grave Accusatiounen a Faiten.

Dofir huet d'ADR-Fraktioun gefrot, datt dee Bericht sollt an der Kommissioun vun den Affaires étrangères behandelt ginn an datt mer sollten dee Bericht zur Verfügung gestallt kréien.

Ech hunn och geduecht datt dat esou géing goen, mä op eng Kéier hunn ech en Interview mat der Madame Ausseministerin um Radio héieren, wou se seet, et wier kee Bericht, et wier eng Note de réflexion interne, wouraus ech schléissen, datt d'Madame Ministerin mengt: E Bericht hätt ech der Kommissioun zur Verfügung gestallt, mä eng Note de réflexion interne net. Dofir meng Froen, Madame Ministerin:

- Sidd Dir bereet dee Bericht der Chamber zoukommen ze loossen?

- Sidd Dir bereet an der Commission des Affaires étrangères iwwert dee Bericht ze diskutéieren an déi Punkten, déi do opgeworf sinn, mat ons duerchzekucken?

Ech mengen et ass noutwendeg, wann esou wichteg Dokumenter erausgi ginn a se a ganz grousser Zuel esouguer am Ministère verdeelt gi sinn, datt deen Ableck awer och d'Chamber kënnt dee Bericht gesinn an dozou Stellung huelen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt vläicht e Wuert zu der Natur vun deem Dokument iwwert dat hei geschwat gëtt.

Et ass weder e Bericht interne nach eng Note interne, et si perséinlech Reflexioune vun engem héije Beamten, nodeem hien aner Fonctioune krut. Ech krut och eng Kopie vun deem Bericht. Wann Der mech haut géingt froen, wéi vill Leit intern déi perséinlech Reflexiounen nach zougestallt kruten, da kënnt ech lech net genau dorop äntwerten.

Ech hu perséinlech iwwerhaapt kee Problem fir op alles dat, wat an deene perséinlechen Iwwerleeunge steet, mat der Kommissioun ze schwätzen. Ech wëllt vläicht awer just den Auteur vun deene perséinlechen Iwwerleeunge froen, ob hien et och esou géing gesinn, well en an deenen Iwwerleeungen, déi e mécht, jo awer eng Rei, wéi soll ech soen, wierklech ganz perséinlech fir net ze soe subjektiv Iwwerleeungen an Uerteeler iwwer Saachen an och iwwer Leit fällt, quitte datt se net mam Numm genannt sinn, déi zimlech wäit ginn a wou hien eleng d'Responsabilitéit muss driwwer huelen a wou ech och déi net wëllt iwwerhuelen.

Et handelt sech also hei ëm perséinlech Iwwerleeungen, ëm eng Experienz déi de Generalsekretär a véier Joer hat. Véier Joer wou en Deel dervun nach zu enger anerer Regierungsperiod gehéieren. Eng Rei vun deenen Iwwerleeungen, déi hie mécht, hunn och hiren Ursprong an deene Joren. Et sinn, wéi gesot, subjektiv partiell Iwwerleeungen, voire Réflexions partiales (?), déi net onbedéngt vu jiddferengem a vläicht esouguer vu ganz wéinege gedroe ginn.

Dat wat ech regrettéieren a wat ech ganz kloer hei stelle wëll, dat ass, datt ech an deem Ministère - an ech hat eben nach net d'Geleeënheet a ganz ville Ministërë Verantwortung ze iwwerhuelen -, an där Zäit wou ech elo do sinn, en général mat Leit ze dinn hunn, déi extrem engagéiert sinn, déi extrem kompetent sinn an déi wierklech wäit iwwert dat, wat ee soss oft gesäit, sech an den Déngscht vun der Allgemengheet, dat heescht vum Intérêt vun dësem Land, setzen.

Et sinn oft staark Perséinlechkeeten. Dat ass richteg. A wann ech soe staark Perséinlechkeeten, da gehéiert dozou datt, wa se mol mat Momenter eng aner Meenung hu wéi de Kolleeg, dat och offen ausgedroe gëtt. Mä just dat mécht de Räichtum vun deem Haus a vun deene Leit aus. Ech wéisst net wéi mer déi enorm Aufgabeberäicher, déi och ëmmer méi grouss ginn, kënnte bewältegen, wa mer net esou engagéiert Leit hätten. Et deet mir Leed, wa géing duerch esou perséinlech Reflexiounen, déi sech op ganz ville Plaze wéi eng perséinlech Justificatioun unhéieren, jo, wou och eng gewëssen Amertume mat eraspillt, wéi wann déi géinge géint eben déi aner Collaborateure vum Ministère ausgeluecht ginn, well deem ass net esou.

Mir hunn an all deene Joren, an dat wëll ech awer grad esou kloer soen, gutt zesumme geschafft. Mir hu vill vun deene Saachen, déi och opgezielt ginn, zesumme realiséiert. Et sinn och eng Rei Iwwerleeungen, déi an deene Reflexioune geféiert ginn, mat deenen ech ganz kann d'accord sinn. Dat ass zum Beispill dee permanente Problem vum Manktum u Leit. Deen hunn ech oft schonn an der Commission des Affaires étrangères duergeluecht.

Den Här Berns mécht zum Beispill opmierksam datt hie mengt, datt, wa mer nei Ambassaden dobaussen opmaachen, mer deementspriechend och missten d'Haus, esou wéi mir et nennen, verstäerken, fir déi Aarbecht, déi vu baussen nei erakënnt, och kënnen ze verschaffen. Ech kann dat nëmmen deelen. Ech hu mech och an deenen dräi Joer agesat fir déi Verstäerkungen ze kréien.

Dat ass zum Deel gelongen, mä, wéi gesot, op anere Punkte kënnte mer eis virstellen datt een et nach kënnt besser maachen, mä dat do ass d'alldeeglech Aarbecht an d'Problemer vun eisem Ministère an, ech huelen un, och vun anere Ministèren. Eis Moyene sinn net onbegrenzt a mir musse versichen aus deem, wat mer zougestane kréien a wat an der Regierung ofgeschwat gëtt, dat Bescht draus ze maachen.

Ech ka verschidde vun deenen Iwwerleeungen, déi besonnesch geriicht si géint eenzel Leit, déi am Ministère aktiv sinn, net akzeptéieren a fannen, datt am Geescht vun der Gëeentheet an der Solidaritéit dat hei am Fong gréisstendeels Aussoe sinn, déi fehl un der Plaz sinn. Datt ee permanent sech ëmmer nees muss a Fro stellen an d'Manéier wéi ee schafft muss verbesseren, dat gehéiert zu eisem Alldag.

Dat maache mer och an dat wäert ech och mat där Equipe, déi do ass, weider esou duerchzéien. Wéi gesot, ech ka mech nëmmen iwwert deen Aarbechtsklima, deen elo am Ministère herrscht, bedanken an hoffen datt mer deen och an där extremer Erausfuerderung behalen, déi op ons duerkënnt 2005, wa mer déi nächste Kéier sollen d'Présidence hunn, an dee Moment dat kënne bewältegen.

***(Interruptions diverses)***

Dach, d'Fro ass beäntwert! Dir lauschtert net no! De gréissten Deel vun deem wat hei opgezielt gëtt sinn entweder politesch Décisiounen, déi an der Regierungserklärung stinn, déi zum Deel a Fro gestallt ginn, oder politesch Décisiounen, déi an deene verschiddenen Deklaratiounen iwwert d'Affaires étrangères, déi ech all Joers hei maachen, duerbruecht gi sinn, wou Dir alleguer scho Stellung dozou geholl hutt. Et ass nun eemol un de Politiker, an dat ass de Minister an dat sidd Dir heibannen, fir Décisiounen ze huelen, an et ass effektiv esou datt duerno d'Beamte se mussen ausféieren, och wa se heiansdo vläicht fannen, si hätten nach eng aner Iddi gehat. Dat sinn nun eemol d'Regele vun enger Demokratie.

Dat ass an deem Bericht hei. Do steet an deem Sënn näischt Neits an ech hunn och dofir kee Problem fir doriwwer ze schwätzen. Vun deene méi perséinleche Bemierkunge wëll ech mech ganz distanzéieren an ech bedaueren, datt iwwerhaapt esou eppes geschriwwe ginn ass. Dofir, an dat hutt Der vläicht falsch verstanen, wëllt ech den Autor vun deene Reflexioune froen, ob hien an deem Fall déi esou oprecht erhält, wéi en se hei niddergeschriwwen huet.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, wann Der mer ee Wuert erlaabt? Mir hunn an der Presidentekonferenz gesot, mir géifen eis an Zukunft strikt drun halen. Dofir, Madame Minister, bei allem Verständnis dofir datt Der déi Explikatiounen hei wollt ginn, an d'Regierung huet natierlech d'Méiglechkeet sech zu all Moment ze explizéieren opgrond vum Artikel 80 vun der Konstitutioun, mä d'Froe ware ganz kloer: Sidd der bereet an d'Kommissioun ze kommen? Sidd der bereet de Rapport zouzestellen?

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Dat hunn ech direkt an der éischter Minutt gesot.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- An et ass gesot ginn déi leschte Kéier, mir géingen eis strikt, awer och wierklech strikt un eis Zäit halen.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Mä wéi soll een awer eng Äntwert ginn, wann een der zwou gestallt kritt, déi awer wäitgräifend sinn? Soss setzt ee sech jo awer dem Reproche aus, datt een net op d'Froen äntwert, well dee krute mer och scho gemaach, an ech mengen, mäi Kolleeg, de Charel Goerens, deem säi Kompetenzberäich besonnesch ugeschwat ginn ass, wëllt eben och nach, wann Der him wëllt nolauschteren, doriwwer eng Explikatioun ginn.

M. le Président.- Dir gesitt, esou geet et wann een ufänkt Ausnahmen ze maachen. Fir haut hu mer eng Ausnahm gemaach, da solle mer elo och nach den Här Goerens schwätze loossen, mä an Zukunft solle mer eis strikt drun halen, ee wéi deen aneren, d'Regierung esou gutt wéi d'Deputéierten, well soss komme mer in des Teufels Küche, wéi d'Leit soen. Ech si jiddefalls dofir, datt den normale Wee méi strikt applizéiert gëtt.

***(Interruptions diverses)***

Den Här Fayot freet nach d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Ganz kuerz, Här President. Ech wollt der Madame Minister soen, an och dem Här Goerens: Wat ons interesséiert an deem Rapport, wat mir bis elo konnten erfueren, dat sinn net perséinlech Saachen. Dat sinn net perséinlech Aschätzungen. Dat si politesch Problemer, déi den Här Berns opstellt. Zum Beispill setzt en an Zweiwel, datt eventuell déi nächst Présidence bis 2005 ka réusséieren, wann net direkt a schnell mat der Preparatioun ugefaange gëtt. Dat sinn déi Problemer, déi ons interesséieren an der aussepolitescher Kommissioun, an net déi perséinlech Problemer, Madame Minister.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Goerens.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Här President, ech hu gefrot ob ech kënnt och an dësen Débat agräifen, well ech wëll net hunn, datt op iergendeng Manéier d'Politique de Coopération et de la Défense, a besonnesch déi Beamten déi doranner schaffen, entâchéiert ginn duerch Gerüchter, déi op enger klenger Flam gehale ginn. Et ass hei gesot gi vum Froesteller, et géife gelunge Saache ginn. Ech wollt lech emol soen, wéi déi gelunge Saachen am Bericht ausgesinn a wéi se och mussen ausgesinn an der d'Äntwert, déi muss vum Departement kommen. Hei ass en Dokument mat perséinleche Reflexiounen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Mir sollen hei gegebenenfalls eng Debatt driwwer féieren, wann d'Chamber dat Dokument kritt huet. Mir wëlle just nëmme froen, datt der dat an der Kommissioun beschwätzt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Da maache mer den Débat ganz. Da froe mer eis Parole après ministre.

M. le Président.- Dir hutt verschidde Froen, an den Här Goerens ass awer och ugesprach ginn an deem Schreiwes. Loosst en dach elo zwou Minutte schwätzen. Loosst mer dach net elo ufänken ausgerechent hei dem Minister, dee selwer ugegraff gëtt an deem Schreiwes, verwieren e puer Wuert ze soen. Dat wier net fair. Also Här Goerens, faasst lech kuerz!

***(Interruptions diverses)***

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Merci, Här President. Selbstverständlech si mer bereet ëmmer an d'Kommissioun ze kommen. Et ginn awer och politesch Problemer, déi soll een net faule loosse bis se esou faul sinn, datt déi Sensibilitéit, un där mer d'Lëtzebuerger wëlle bedeelegen, herno iwwerhaapt keng Chance méi huet. D'Chamber huet eis opgefuerdert eng Campagne de sensibilisation ze maachen, fir d'Kooperatiounspolitik an der Opinion publique ze acceptéieren, ze ancréieren, an ech wëll net hunn datt mat Aussoen oder mat vagen Indikatiounen op Allégatiounen u mäin Departement gespillt gëtt.

Et gëtt zum Beispill an deem Rapport bemängelt, datt mer net genuch Visibilitéit géingen ustriewen. Ech froen d'Chamber, haut an hei, ob mer sollen eng Politik maachen nom Motto „vous nous avez tous vus"? Entweder mir maachen eppes wat kredibel ass, an da gëtt et och vläicht visibel, automatesch, oder mir schaffen nëmme just op d'Visibilitéit, an da maache mer aus der Visibilitéit e Selbstzweck. Dat ass net meng Opfaassung vun der Politik. Et gëtt weider an deem Rapport contestéiert, an ech ginn lech just nëmme vun deene sougenannten Dysfonctionnementer eng Kostprobe.

Den Auteur vun deene Reflexioune beschwéiert sech zum Beispill, datt mer eis Gedanke gemaach hunn iwwert eng Coopération triangulaire tëschent Lëtzebuerg als bailleur de fonds, Kuba als Serviceprovider an dem Rwanda als Empfänger vun enger Hëllef. Wourëm geet et?

Et steet zum Beispill an dem Rapport vun der Direction 5, dat ass d'Direktioun iwwert d'Coopératioun: „A initier ou envisager de co-financier des projets de coopération dont la nature politiquement sensible n'a pu échapper à un diplomate de carrière tel un programme de coopération triangulaire avec Cuba pour envoyer par financement luxembourgeois des médecins cubains en Afrique noire, alors qu'il y a 20 ans des médecins cubains accompagnant les troupes d'occupations cubaines sur ce continent, s'y firent les amplificateurs de la théorie marxiste."

An engem anere Punkt gëtt stigmatiséiert, datt mer fir e Programm wieren: „appuyant et citant en exemple des mouvements sécessionnistes dans la Corne de l'Afrique, région géopolitiquement sensible s'il en est. On croit vraiment rêver."

Här President, ech wëll awer hei an haut festgehalen hunn, datt, wat d'Coopération triangulaire ubelaangt, déi och Kuba implizéiert, dat eng eminent politesch Décisioun ass, déi de Ministre responsable du ressort ze assuméieren huet an net een, dee keng politesch Responsabilitéit huet. An déi do Thematik ass diskutéiert ginn, net nëmmen am Ministère des Affaires étrangères, mä ech hu se och eng Kéier mentionnéiert an enger Diskussioun déi ech mat der Commission des Affaires étrangères hat. Wann d'Chamber dat net wëllt, kann d'Chamber an enger Motioun dee politesche Responsabelen invitéiere fir eng aner Politik ze maachen. Ofgesinn dovun hu mer net missen op kubanesch Dokteren zréckgräifen, well an deem dote Fall hu mer éischtens gekuckt ob keng rwandanesech Dokteren do wieren, zweetens ass probéiert gi fir der an der Diaspora rwandaise ze fannen an drëttens, wann dat net gaange wier, hätte mer eis net genéiert, och wann dat dem Auteur vun dëser Reflexioun net gefält, eventuell op kubanesch Dokteren zréckzegräifen.

Da gëtt stigmatiséiert, mir géife wëllen eng Mission de Coopération opmaachen. Här President, dat ass d'Regierungserklärung. Et ass dach net un engem Fonctionnaire fir ze soen, d'Regierungserklärung hätt net exekutéiert ze ginn. Dat

ass dat wouriwwer d'Chamber sech och majoritairement ausgedréckt huet.

Et gëtt gesot, et wiere ganz vill Kollaborateuren, déi d'Direktioun 5 gewiesselt hätten. Mä dat ass dans la nature même vun engem Ministère, wou de Pivot vun der Carrière d'Carrière diplomatique ass a wou eng ganz Partie Leit wiesselen. Déi eng ginn an eng Ambassade hier, déi aner ginn duer. Et ass een op der Mission de Coopération zu Dakkar, et sinn och nach Leit déi e Congé de maternité hunn. Mir wäerten awer net och nach ufänken de Leit ze verbidde Kanner ze kréien.

Da gëtt des Weidere gesot, dat wier net kompatibel mat enger guttverstanener Aussepolitik, wa mer eng Campagne pour la promotion du chocolat pur maachen. Ech wëll soen, dat ass hei an der Chamber diskutéiert gi virun zwee Joer. Ech gesi wierklech net a firwat datt hei muss virun de Verdacht oprecht erhale ginn, et wieren Dysfonctionnementer. Hei geet et ëm soss näischt wéi ëm d'Assomptioun vu politeschen Aufgaben a vu politesche Responsabilitéiten, hannert deenen ech voll a ganz stinn. Ech wëll Iech och des Weidere soen, datt et net en Dysfonctionnement ass, mä et ass déi eminent politesch Responsabilitéit vum Departement vun der Kooperatioun, fir op déi spezifesch Besoinë vun der Kooperatioun hinzeweisen. Et gëtt des Weidere kritiséiert, ech hätt dem Här Juncker bei senger Visite an der Mongolei, respektiv der Madame Polfer an enger geplangter Visite op de Philippinen, net déi entspriechend Fonge ginn, déi gebraucht gi wiere fir do Aide humanitaire ze maachen. Een, deen esou eppes behaapt, weess wierklech net wéi Aide humanitaire fonctionnéiert.

Dat ass net "donors driven", dat ass "result oriented". An dat entspréngt engem Besoin, deen de Pays partenaire expriméiert a mir ginn ni, an ech betounen dat, mir ginn ni eng Aide humanitaire, à moins datt se gefrot gëtt, entweder vum Pays récipient selwer oder vum UNO-Hëllefswierk oder vun enger ONG oder vun engem Ableeger vun der UNO, en l'occurrence d'FAO, de Plan alimentaire mondial oder de Commissariat pour les Refugiés.

Wou mer eis agesat hunn datt d'Produkter, déi aus den Entwécklungslänner kommen, och sollen anstänneg bezuelt ginn, am Kader vu Campagnen déi mer ënnerstëtzen, ënner anerem mat Transfair Minka, am Kader vun engem Crédit sensibilisation, deen d'Chamber votéiert huet. Dat ass nëmme just d'Ausféiere vun enger Politik, déi den Accord vun der Chamber kritt huet.

Ech kënnt esou virufueren, Här President. Ech fannen et wierklech verlueren Zäit.

Mir maachen et par acquis de conscience, datt nëmme kee mengt mir géifen dëser Chamber eng Äntwert schëlleg bleiwen iwwert dat, mä vun eis verlaangen, datt mer eis nach sollen entschëllege wa mer eisen Aufgaben nokommen!

Ech hunn iwwregens schonn zwou Deklaratiounen vun zwee Beamten, déi och en cause gesat ginn, ee vun der Direction de la défense, deen och op eng ongerecht Manéier attackéiert gëtt iwwert de Personalmangel. Déi, déi wësse wéi et an der Direction de la Défense ausgesäit, wëssen, datt mer do, numeresch gesinn, mat ganz knappe Ressources humaines schaffen a mir hunn iwwert de Recrutement interne e Beamten, deen och bereet ass seng Deklaratioun an der Commission des Affaires étrangères ze déposéieren, eis mat ganz vill Méi iwwert Distanz gehollef. Mir hunn eng Zäit laang just mat engem aus der Carrière moyenne déi Direktioun do geleet, während den Direkter an der Clinique war an deen anere Beamte während bal zwee Joer krank war. Ech wëll wierklech net, datt dat hei eng Tournure cloche-burlesque gëtt. Ech kann lech wierklech soen, datt mer och do mat kenger Äntwert wëllen hannert dem Bierg stoen.

Esou gesinn, Här President, sinn ech frou, an ech hoffen datt mer esou séier wéi méiglech déi Kommissiounssëtzung kënne kréien, fir datt déi Allégatiounen an déi Behaaptungen an déi prétendus Dysfonctionnementer ganz séier kënnen démystifiéiert ginn.

M. le Président.- D'duebel Questioun wier domadder ofgeschloss. D'Fortsetzung maache mer an der Sitzung vum 25.. Ech hu gekuckt, dat si lauter Froen déi och dann nach akut sinn, a wann déi eng oder déi aner et net sollt sinn, mir huelen nach Récksprooch mat deene Betreffenden, da kënne se dat soen.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Ech fannen dat e staarkt Stéck.

M. le Président.- Ja, Här Colombera?

M. Jean Colombera *(ADR).*- Jo, Här President, ech sinn net ganz mat Iech d'accord aus deem einfache Grond, well ech hat och eng Fro gestallt am Kader vun der Irak-Kris, nämlech iwwert d'Impfung géint d'Pouken. Ech mengen, dat wier ganz interessant gewiescht wa mer dat haut hätte kënne matdiskutéieren. Den Här Minister ass leider net méi do fir déi Fro ze beäntwerten, mä et ass eng ganz wichteg Fro, an ech hätt gär datt den Här Minister muer de Mëtteg hei géif an d'Chamber komme fir iwwert déi Fro ze diskutéieren. Et deet mer Leed, esou kann et awer net hei goen, mir hunn eis hei preparéiert fir d'Froen ze stellen an ech wëllt, datt dann déi Fro am Kader vun der Irak-Kris och hei géif traitéiert ginn.

M. le Président.- Et ass an der Rei. Wann de Minister do ass, da kritt Der d'Fro beäntwert. Ech mengen, mir mussen awer fir haut Schluss maachen. Mir hunn nach eng ganz Partie wichteg Saachen um Ordre du jour, déi mer och musse maachen.

***(Interruptions)***

Mir hu schonn eng Stonn iwwerschratt a mir hunn nach eng ganz Partie Saachen.

***(Interruptions diverses)***

Déi nächst Fro, zum Beispill, ass Är, Madame Wagener. Soll elo Är Motioun kommen? D'Ministeren, déi de ganze Mëtteg do soutzen, hunn aner Verflichtunge gehat. Wat solle mer hei Froe stellen an et ass kee méi do fir ze äntwerten.

Mir kommen elo zur Motioun vun der Madame Renée Wagener betreffend d'historesch Recherche iwwert den Zweete Weltkrich. D'Riedezäit ass nom Chamberreglement vum Artikel 35 festgeluecht an all Fraktioun huet fënnef Minutten Zäit, an déi gëtt strictement agehalen. No fënnef Minutte geet de Gong.

D'Madame Wagener huet d'Wuert.

## 7. Motion de Mme Renée Wagener concernant la recherche historique sur la Seconde Guerre mondiale

## Motion de Mme Renée Wagener relative aux personnes portées disparues en Europe de l'Est pendant la Seconde Guerre mondiale

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech fille mech elo scho ganz ageschüchtert, nodeem Der jo virdrun dann awer anscheinend d'Riedezäit net esou strikt bemooss hutt, mä ech versiche mech dann un déi Zäiten ze halen.

Här President, mir haten am Dezember en Débat iwwert d'Schafung vun engem Centre de documentation et de recherche sur la résistance. Mir haten do als Gréng eng Rei vun Amendementer eraginn, well mer net zefridde ware mat der Ausriichtung vun deem Centre, wou de Schwéierpunkt op d'Recherche iwwert d'Resistenz geluecht gi wor. Mir woren deemools der Meenung, dass mer zu Lëtzebuerg endlech och eng wëssenschaftlech Geschichtsfuerschung iwwert den Zweete Weltkrich a senger Globalitéit géife brauchen. An den Här Statsminister hat deemools gemengt, mir hätte besser gehat eng Motioun eranzeginn, da wär eng Diskussioun heibanne méi einfach gewiescht.

Ech ginn net méi, Här President, op déi Aart a Weis an, wéi dee ganzen Débat heibannen an och an der Kommissioun ofgelaf ass, déi ech op verschiddene Punkten zimlech kritikabel fannen. Mir hunn awer gemengt den Thema wier der Méi wäert op déi Propos vum Här Statsminister zréckzekommen a mir hunn eis Iddi nach eng Kéier an enger Motioun zesummegefaasst, wou mer drophiweisen, dass dee grousse Succès vun der Wehrmachtausstellung, déi virun e puer Wochen hir Dieren zougemaach huet, op de Besoin no enger differenzéierter Approche zur eegener Geschicht hiweist. Grad där vum Zweete Weltkrich.

Här President, ech fannen et e bësse vill Kaméidi heibannen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Mir schloen dofir an eiser éischter Motioun nach eng Kéier vir, dass esou wëssenschaftlech Strukture solle geschafe ginn, déi iwwert déi méi prezis Thematik vun der Resistenz erausginn, wéi se elo vum nei geschafene Centre de documentation et de recherche ofgedeckt gëtt. Mir froen och, dass d'Méiglechkeete solle studéiert ginn, déi wëssenschaftlech Fuerschung iwwert den Zweete Weltkrich an de Konzept vun där neier Uni zu Lëtzebuerg ze setzen an och anzebetten a méi e vaste Fuerschungsberäich vun der Geschicht vum 20te Jorhonnert. Dat wär fir déi éischt Motioun.

Déi zweet befaasst sech mat enger konkreter Problematik, déi am Kader vun de Konferenzen a vun de Contributioune ronderëm d'Wehrmachtausstellung erëm opgetaucht ass, nämlech déi vun deene vermëssténe Lëtzebuerger Enrôlés de force, déi am Zweete Weltkrich haaptsächlech aus Russland net méi zréckkomm sinn.

Do besteet dee ganz konkrete Besoin vun enger Rei vu Leit fir méi Detailer iwwer hir verschwonne Familljememberen erauszefannen an et gëtt zu Moskau e Fichier, deen Informatiounen zu deene Lëtzebuerger enthält. Et ass och schonn, esouwäit et mer bekannt ass, eng Missioun ginn, wou am Optrag vun der Regierung en Historiker op Moskau gefuer ass. Et wär awer ubruecht, dass d'Lëtzebuerger Regierung géif Démarchë maache fir eng Kopie vun deem gesamte Fichier op Lëtzebuerg ze kréien an och fir eng Traductioun vun deem Fichier ze suergen.

Dat wier engersäits am Intérêt vun deene betraffene Familljen, deenen een doriwwer eraus och misst eng méi grouss Hëllefstellung bidden, doduerch dass een e Service d'assistance eventuell géif kreéiere fir déi Leit, déi wëlle perséinlech Recherchë maachen, mä et wär anererséits och am Intérêt vun der Lëtzebuerger Geschichtsfuerschung, déi dee Fichier mat moderne Moyene kënnt évaluéieren an esou nei Erkenntnisser iwwert d'Lëtzebuerger Zwangsrekrutéiert am Zweete Weltkrich gewannen.



Här President, mir wäre frou wa mer hei kënnte méi eng sachlech Ausenanersetzung féiere wéi dat am Dezember de Fall wor, am Intérêt vun deene Betraffenen an och am Intérêt vun der Lëtzebuerger Geschichtsfuerschung.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen.

***Discussion générale***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech mengen, mir sollte vläicht fir d'éischt de Statsminister lauschteren, da brauch ech vläicht net méi esou laang ze schwätzen.

Merci.

M. le Président.- Okay. D'Wuert huet den Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, ech sinn der Madame Wagener dankbar, dass se d'Initiativ geholl huet fir iwwert de Wee vu Motiounen nach eng Kéier op dat net erleedegt Thema zréckzekommen, wat mer bei Geleeënheet vun der Ëmwandlung vum Conseil national de la Résistance heibannen ze behandelen haten, wou se de Wonsch ausgedréckt hat, et sollt een d'Aufgabegebitt vun deem Centre de documentatioun, dee mer nei geschaaft hunn, ausweiden op Studien, déi déi gesamt Krichszäit, wann ech och hir Virleefer an den 30er Jore kucken, bis un den Enn, bis hannert d'Epuratioun, wann ech mech richteg erënneren, géif kucken. Ech hat deemools gesot, dat wier net déi richteg Plaz fir dat ze maachen, well den Haaptobjet vun deem Gesetz doranner bestanen huet fir de Conseil national de la Résistance duerch en anert Organ ze ersetzen.

Ech hat gläichzäiteg bei där Geleeënheet gesot, et ass selbstverständlech dass dat Uleies, dat d'Madame Wagener do zum Ausdrock bruecht huet, eent ass wat d'Regierung a wat ech selwer och deelen. Dofir hunn ech och mat där Motioun, déi d'Madame Wagener hei abréngt, wéineg Schwieregkeeten, à savoir bal iwwerhaapt keng, sauf fir ze soen dass et ganz schwéier dierft ginn eng regelrecht wëssenschaftlech Struktur op d'Been ze setzen, déi och mat Historiker voll besat wier, esou dass déi ganz Period kënnt gekuckt ginn, well eist Kucken, fir esou Historiker ze fannen, opgrond och vun där Suggestioun, déi d'Madame Wagener hei gemaach huet, huet sech erwisen als ee relativ schwieregt Unterfangen.

Dat wëll ech just soen, dass dat ganz komplex ass wéinst der Ressource humaine, déi een dofir brauch. Mä trotzdeem wëlle mer de Versuch maache fir esou eng Struktur op d'Been ze kréien a se dann deementspriechend mat Finanzmëttelen ze versinn. Mir hunn dat op Suggestioun vum Kolleeg Ben Fayot hin och gemaach am Zesummenhank vun der Spoliation des juifs an eng ähnlech Struktur mat méi souplen, zäitgebonnene Kontrakter kann ee sech och iwwerleeën hei op d'Plaz ze kréien, wann et ëm dee Souci geet, deen d'Madame Wagener huet an deen ech deelen, well ech einfach mengen, dass elo d'Zäit komm wier fir méi e rouege Bléck op déi Gesamtproblematik an op déi Gesamtzäit ze werfen, op déi d'Madame Wagener sech hei referéiert.

Deen Tiret, deen ech eigentlech net kann unhuelen - dofir sinn ech frou dass d'Madame Minister Hennicot hei ass - ass deen dee seet mir sollen déi Etüden do integréieren an de Konzept vun der neier Universitéit. Et schéngt eis schwiereg ze sinn, och wa mir dat gäre géife gesinn, fir der Universitéit virzeschreiwe wat fir eng Form vu Recherche dass se soll maachen. Dat ass awer esou liberalliéiert, nämlech dass mer d'Méiglechkeete solle studéiere fir dat ze maachen, dass d'Regierung selbstverständlech an de Gespréicher mat den zukünftegen universitairen Autoritéiten doriwwer wäert schwätzen.

Ënnert deene Remarke wier ech d'accord fir déi Motioun 1 vun der Madame Wagener, där hir Zilsetzung ech absolut deelen, unzehuelen.

Wat déi zweet Motioun ubelaangt sinn ech bësse méi schlecht drun, net well dat wat hei gefrot gëtt mer net géif aliichten, mä well dat awer wierklech eng innombrabel Zuel vun Explicatiounen, Indikatiounen an Informatioune viraussetzt, iwwert déi ee muss verfüge fir gutt ze verstoe firwat déi Motioun, an där Form wéi se hei suggéréiert gëtt, net ohne Weiteres kann ugeholl ginn.

Ech ginn Iech ee Beispill: Zënter 1993 ass e Lëtzebuerger Historiker, op Optrag deemools vum Ausseminister Poos, domat beschäftegt gewiescht fir mat deem Fichier zu Moskau ze schaffen. Deen huet och am Januar 1995 dem Statsminister säi Rapport ofginn. Deen ass un d'Federatioun vun den Enrôlés de force weider geleet ginn an déi Fichiersdonnéeën, déi mer hunn, si keng spektakulär an deem Sënn, dass se do géifen Auskunft ginn iwwert d'Schicksal vun eenzelne lëtzebuergesche Jongen déi agezu waren, mä dat ass e Fichier deen en Numm huet vun deem deen agezu war, dee säi Gebuertsdatum dréit an dee seng Adress zu Lëtzebuerg renseignéiert. Aner Indikatioune stinn op deem Fichier beispillsweis net drop.

Fir deen op Lëtzebuerg ze rapatriéieren an ze iwwersetzen, ouni dass een eppes an d'Hand kritt dat wierklech eng Informatiounsquell wier, déi Historiker an déi interesséiert Familljemembere kënnt an hirer Recherche oder an hirem Wëssen iwwer hir Leit weider brénge, dat läit net op der Hand. Ech hätt dofir d'Tendenz ze froen, ob déi Leit, déi sech domat beschäftegen, kënnen an eng Kommissioun vun der Chamber kommen, fir emol déi technesch Schwieregkeete vun all deem opzelëschten.

Et ass och de Leit matgedeelt ginn, iwwert d'Federatioun vun den Enrôlés de force, wann eenzel Familllje Renseignementer gären hätten iwwer ee vun hire Familljememberen, dass se déi Renseignementer vum Statsministère op Demande hi kréien, woubäi ech muss soen dass mer soss keng Renseignementer hu wéi den Numm, de Virnumm, de Gebuertsdatum an d'Funktioun, déi dee Lëtzebuerger an der däitscher Wehrmacht, an déi en zwangsrekrutéiert ginn ass, hat.

Also wann d'Madame Wagener d'accord wier, géif ech dat gären an der Kommissioun nach eng Kéier exposéieren, respektiv exposéiere loosse wat den Inhalt vun der zweeter Motioun ass. Wann d'Madame Wagener net domat d'accord wier, da géif ech déi Motioun am léifsten unhuelen, well ech hu keng Schwieregkeeten domat, mä da musst Der wëssen, dass et bei der Ëmsetzung dovun eng Hellewull vu Schwieregkeete gëtt. D'Schwieregkeet fir aus Russland Dokumenter eraus ze kréien ass enorm grouss. Mir sinn zënter fënnef Joer amgaang d'Archive vun der grousser Loge vu Lëtzebuerg eraus ze kréien. Do si mer just um Punkt fir ofzeschléissen, mä dat stellt sech als e schwieregt Unterfangen eraus, wann een dat mat de russeschen Autoritéite wëllt maachen.

Also, Här President, d'Motioun 1, ënnert deene d'Begleetsätz déi ech gesot hunn, hëlt d'Regierung un. Bei der Motioun 2 hätt ech awer am léifsten, meng Leit an ech selwer kënnten emol eng Kéier an enger Chamberskommissioun exposéiere wat d'Schwieregkeete sinn.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, zu der éischter Motioun wëll ech soen, datt ech mat e bësse Bedauere kënnt awer mat där Propos averstane sinn déi den Här Statsminister gemaach huet, och wann ech hei nëmme virgeschloen hat fir d'Méiglechkeeten ze étudiéieren. Dat wär jo nach net ganz wäit gaangen. Ech hätt deen Exercice scho relativ interessant fonnt fir sech d'Fro ze stellen, ob esou eng Recherche net kënnt am Kader vun der Uni oflafen.

Déi zweet Motioun, do fannen ech d'Iddi ganz gutt fir nach eng Kéier an der Kommissioun driwwer ze diskutéieren, well ech mengen datt et effektiv e komplexe Sujet ass. Ech géif awer proposéieren, well ech ebe grad op enger vun deenen Tables rondes ronderëm d'Wehrmachtausstellung konnt feststellen, dass d'Historiker sech net eens sinn an der Fro iwwer d'Utilitéit vun deem Fichier, dass da vläicht déi zwou Säiten och kënnten hir Positioun duerleeën.

M. le Président.- Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här President, d'Regierung ass selbstverständlech net dogéint dass am Kader vun der Uni Lëtzebuerg sech mat deem dote Recherchesujet beschäftegt gëtt. D'Regierung ka just den Autoritéite vun der Universitéit dat net einfach imposéieren. Hei steet jo och, mer sollen d'Méiglechkeete studéieren. Dat verstinn ech esou, dass d'Regierung le moment venu mat deenen akademeschen Autoritéiten driwwer schwätzt, fir dat ze maachen, de libre à eux oder à elles, fir dat dann ze maachen oder net.

Déi zweet Motioun, d'Schwieregkeet ënnert den Historiker ass mer bekannt. Ech kréie meng Informatioune vun engem Deel. Et gëtt och en aneren Deel, an ech fannen et richteg dass een dann déi zwou Sensibilités scientifiques do an d'Kommissioun rifft fir doriwwer ze schwätzen.

M. le Président.- D'Wuert huet nach gefrot den Här Ben Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech wollt just soen, dass mir als Fraktioun déi zwou Motioune vun der Madame Wagener begréissen. Mir haten och bei der Debatt iwwert de Centre de documentation fir déi Motioune gestëmmt, déi se virbruecht hat.

Ech wollt just ee Punkt ervirsträichen, nämlech dee vun der Méiglechkeet vun engem Institut iwwert den Zweete Weltkrich an der neier Uni. Ech mengen, dat misst ouni weideres méiglech sinn, esou wéi déi Uni ugeluecht ass. Mir maache jo e Kadergesetz, an à l'intérieur dovunner hänkt et selbstverständlech vu Chercheuren of, déi mer zur Verfügung hunn, fir esou eppes ze maachen a fir dat als Institut am Kader vun der Uni opzebauen.

Wat déi zweet d'Motioun ugeet, muss ech soen, kennen ech net genuch dovunner fir elo ze soen ob dat ouni weideres méiglech ass, mä mir sinn awer mat dem Fong vun deenen zwou Motiounen d'accord. Mir wäerte se dofir och stëmmen.

M. le Président.- Wann ech gutt verstanen hunn, ass fir déi éischt Motioun e Vote gefrot an déi zweet gëtt un d'Kommissioun verwisen. Ass et esou?

***(Assentiment)***

***Vote***

Wie fir d'Motioun 1 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, dass déi Motioun eestëmmeg ugeholl ass.

Déi zweet Motioun gëtt dann un d'Kommissioun verwisen.

Domat wär dee Punkt ofgeschloss. Da komme mer zur Motioun vun der sozialistescher Fraktioun iwwert d'Europaschoul. D'Wuert huet den Här Ben Fayot als Auteur vun där Motioun.

## 8. Motion de M. Ben Fayot relative à l'Ecole européenne et au Centre polyvalent de l'enfance

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, Mëtt Dezember 2003 huet de Sommet vu Kopenhagen d'Erweiderung vun der Europäescher Unioun op zéng weider Memberlänner décidéiert. D'Konsequenze fir d'Europahaaptstad wéi Lëtzebuerg sinn enorm, eng grouss Erausfuerderung kënnt op Lëtzebuerg duer. Eng direkt Konsequenz vun dëser Erweiderung ass natierlech d'Uwuesse vun der absoluter Zuel vu Beamten zu Lëtzebuerg. Vu Mëtt 2003 bis 2005 solle 460 nei Iwwersetzer fir d'Kommissioun a 600 nei Iwwersetzer fir d'Parlament op Lëtzebuerg kommen, an insgesamt gëtt d'Zuel vun den zousätzleche Beamten, déi op Lëtzebuerg kéimen, op 1.600 geschat. Wuel ginn der och eng Partie fort vun deenen déi elo nach zu Lëtzebuerg schaffen. Mir wëssen, dass et andauernd Transferte gëtt, besonnesch an der Haaptsaach vu Lëtzebuerg no Bréissel. Zum Beispill gëtt schonn erëm geschwat dovunner, dass 174 Fonctionnairë vun der Generaldirektioun a véier vum Parlament no Bréissel sollen transferéiert solle ginn.

Zu enger Politique du siège gehéieren net nëmme Gebaier, déi jo amgaange sinn zum Deel gebaut ze ginn, déi zum Deel geplangt ginn. Mir wëssen, dass all Institutiounen um Kierchbierg, respektiv op anere Plazen, méi Gebaier brauchen. Ech wollt awer elo an der Haaptsaach op déi Erausfuerderung agoen, déi ons um schouleschen an um soziale Plang gestallt gëtt, Installatiounen déi haut schonn iwwerfälleg sinn a muer nach méi noutwendeg ginn.

Fir d'éischt emol eng nei Europaschoul. Dat ass bekanntlech eng öffentlech Schoul, wéi mir wëssen eng zwëschestaatlech organiséiert Schoul, déi vun de Regierungen, vun de Memberstate gedroen a finanzéiert gëtt. Déi heiteg sougenannt nei Europaschoul ass jo vun 1995 an déi war deemools fir 3.000 Schüler gemënzt. Haut sinn der 3.700 dran, ënner anerem anscheinend och schonn a Containeren oder a provisoresche Bauten. Schonn 1997 war iwwregens der Regierung signaliséiert ginn, dass d'Schoul ze kleng wär.

D'Prévisioune vun 2002 erginn, dass um Horizont 2008, also a fënnef Joer vun haut aus gesinn, insgesamt 5.700 Kanner aus den Institutioune musse scolariséiert ginn, mat 20 verschiddene Sprochfilièren. Dat sinn der 2.500 méi wéi elo. Ech mengen ënnert ons ass déi Zuel ze kleng gegraff, well mer der elo schonns 3.700 hunn.

No enger Äntwert vun der Regierung vum 5. Februar 2003 op eng Fro vum Här Zanussi ka mat engem Avant-projet sommaire net bis Mëtt 2004 gerechent ginn an da misst en definitive Projet ausgeschafft ginn, also all déi Prozeduren, déi mer kennen. De Chantier géif dräi Joer daueren. Ech schätzen also, dass spéitstens bis 2010 déi Schoul géif stoen. Als Plaz gëtt u Mamer geduecht an der direkter Noperschaft vum Lycée Josy Barthel. Ech froen d'Regierung wou se an der Terrainfro drun ass. Ass d'Gemeng Mamer d'accord a sinn d'Terraine scho kaaft?

Bis déi nei Schoul steet, mussen och do Zwëscheléisunge fonnt ginn. Ech wollt d'Regierung froen, wat an där Hinsicht virgesinn ass a wéi dat soll zäitlech iwwert d'Bühn goen.

Dann ass eng weider Fro, déi iwwert déi zweet paraschoulesch Infrastruktur an d'Crèchen. De Bau vun engem Centre polyvalent de l'enfance, besonnesch och d'Crèche, ass virgesinn. Op eng Fro mengersäits vum 23. Januar hat d'Madame Bauteminister geäntwert, d'Pläng wären eragereecht a si géif op d'Autorisatioun vun der Stad Lëtzebuerg waarden. Nach wier et interessant ze wësse wéi do den Timing ass an deenen nächste Joren, wéi séier dass dat soll gebaut ginn.

Ech wëll hei kloer ervirhiewen, Här President, dass meng Motioun keng Kritik un der Regierung ass, mä si soll de Wëlle vun der Chamber un hir Adress ausdrécken, dës Dossiere schnell an effikass duerchzezéien. Meng perséinlech Kritik ass, dass dës Regierung wéi och déi viregt - ech wëll dat och hei ganz kloer soen - net laang genuch am viraus plangt. Mat allem Respekt fir déi Fonctionnairen, déi sech ëm d'Sëtzpolitik an d'Baute fir déi europäesch Institutioune bekëmmeren, bleiwen ech bei der Meenung, dass de Lëtzebuerger Stat sech méi eng zolidd permanent Ministèren-iwwergräifend Struktur muss ginn, fir d'Sëtzpolitik ze plangen an ze exécutéieren. Dëst soll een net enk gerëppt gesinn. Iwwregens wëll ech soen: Dozou gehéieren och déi international Verbindungen Zuch, Avion an esou weider.

Ech mengen dëst hänkt virun allem och vum politesche Wëllen hei zu Lëtzebuerg of. Ech weess, dass et Politiker gëtt zu Lëtzebuerg, déi eigentlech net vill fir déi europäesch Institutiounen iwwreg hunn. Ech sinn awer der Meenung, Här President, dass déi europäesch Institutiounen ons wirtschaftlech vill bréngen, si bréngen ons international Visibilitéit a politesche Prestige, a wann déi eng oder aner Institutioun emol fort ass, da kréie mer keng aner méi. All Land ass Demandeur hautdesdags fir iergendeen Organ vun Europa ze kréien.

Duerfir setzen ech mech dofir an, dass mer eng konsequent Sëtzpolitik op alle Pläng duerchzéien an net eng wotelech hallefhäerzeg Politik. Ech wär wierklech frou, wann dës Chamber dëse Wëlle géif mat dëser Motioun bekräftegen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

***(Interruption)***

***Discussion générale***

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, mir kënne selbstverständlech déi Motioun, déi vum Kolleeg Ben Fayot hei erabruecht ginn ass, vun eiser Säit ënnerstëtzen. Ech mengen et ass eng Selbstverständlechkeet an eng logesch Konsequenz, dass, wa mer engersäits als Lëtzebuerger Land ëmmer drop dränge fir déi europäesch Institutiounen, déi mer hei am Land hunn, hei ze behalen oder nach anerer bäizekréien, mer dann och anerersäits mussen Infrastrukture schafe fir déi Kanner alleguer ënner normale Bedingunge kënnen an d'Schoulinfrastrukturen ze integréieren.

Et ass ëmmer schued, well mer laang am Viraus plange wéi d'Entwécklung ass, datt mer dann net zum richtegen Zäitpunkt déi néideg Schoulinfrastrukturen do hunn. Ech mengen déi Diskussioun ëm déi nei Schoulinfrastrukture fir den europäesche Fonctionnairen hir Kanner gëtt elo schonn iwwer Méint, ech géif scho bal soe Joren, diskutéiert, ouni datt ee konkret Propositiounen um Dësch leien huet wou se dann elo definitiv hikënnt, wéi se ausgesäit a wat den Timing ubelaangt, sou datt ee muss dovun ausgoen, datt och hei mat Containere wäerten nei Zwëscheléisunge musse getraff gi fir déi Kanner ënnerdaach ze kréien.

Ech géif awer vun eiser Säit derbäi soen, datt dat heite signifikant ass, net nëmme wat d'Schoulinfrastrukture fir d'Kanner vun den europäesche Fonctionnairen ubelaangt, mä datt insgesamt dee Problem hei zu Lëtzebuerg besteet. Ech wollt dat mat erabréngen, fir datt net de Verdacht opkënnt - ech wéilt och net soen den Här Fayot hätt dat wéilten hei domadder bezwecken -, datt mer eis als Parlament just géife wëllen asetze fir genuch Schoulinfrastrukture fir d'Kanner vun den europäesche Fonctionnairen ze hunn. Datselwecht zielt selbstverständlech och fir d'Schoulinfrastrukture fir all déi aner Kanner déi mer hei am Land hunn, wou e groussen Nohuelbedarf ass a wou och eng Rei vu Projeten elo op den Instanzewee bruecht gi sinn, mä mir wëssen awer och mat wat fir engem Retard datt dat geschitt ass.

Mir hunn eng Evolutioun vun der Populatioun an deene leschte Jore gehat, wou ee ka soen dass se net ganz virauszegesi war, well vill Leit an d'Land immigréiert hunn déi Kanner matbruecht hunn, mä och e groussen Deel vun deene Kanner sinn awer hei am Land gebuere ginn.

Ech hunn dat schonn eng Kéier hei op der Chambertribün gesot: Wa mer och net wëssen zu wat fir engem Zäitpunkt d'Kanner onbedéngt gezeugt ginn, esou wësse mir awer zumindest wéini datt se op d'Welt kommen, an da wësse mer datt se dräi Joer duerno an de Précoce ginn, an de Préscolaire, an datt se zwielef Joer duerno an eis Lycéeë ginn, esou datt mer awer hätte misse méi wäit virausgesi wéi d'Besoine vun eise Schoulinfrastrukture wären.

Ech mengen, do huet dës Regierung wéi déi Regierung virdrun hir Aarbecht net gemaach. Et ass traureg, wa mer haut kucken, datt mer esou vill Manktum u Klassen, u Schoulsäll an un Infrastrukturen insgesamt an der Schoul hunn. Duerfir kann een nëmmen all Initiativ wéi déi heiten ënnerstëtzen, déi an déi Richtung geet, mä, wéi gesot, net nëmmen exklusiv oder net nëmme limitéiert op den europäesche Fonctionnairen hir Kanner, mä selbstverständlech fir all d'Kanner hei am Land, déi adequat Infrastrukture misste kënne kréien.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger huet nach d'Wuert gefrot. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech muss dem Auteur vun dëser Motioun zwou Kriticke maachen.

Déi eng ass, datt hien am Dispositif vu senger Motioun offen Dieren arennt, well wann een dat noliest wat d'Madame Brasseur, de Minister vun der Education nationale, de 4. Februar dem Här Zanussi op seng Froe geäntwert huet, da si sämtlech Froe beäntwert déi hie gestallt huet, notamment och wat d'Bâtiments-tampon ubelaangen a wéini déi zweet Schoul operationell ass. D'Madame Brasseur huet des Weideren d'Population scolaire, d'Zuel vun de Schüler an esou virun opgelëscht an e ganz genaue Calendrier opgestallt. Dat ass dat éischt!

Dat zweet ass, wann ech den Auteur vun der Motioun haut hei héieren hunn, dann huet hien awer eppes aneschters gesot wéi dat wat an der Motioun steet. Hien huet éischter vun der Politique du siège geschwat wéi sech eigentlech un dat gehale wat hei an der Motioun steet. Ech muss och soen: Mat deem wat hien a sengem Dispositif ugëtt, kënne mer net vill ufänken.

Wat kënne mer domat ufänken, wann een d'Regierung invitéiert „à accélérer les préparatifs" oder „à agrandir le Centre polyvalent" - ech hunn elo grad vun de Bâtiments-tampon geschwat wou d'Madame Brasseur him schonn eng Äntwert ginn huet - an dann „à mettre en place les mesures transitoires urgentes"? Also domat - och wann d'Chamber dat hei géing stëmmen - kënne mer net vill ufänken. Menger Meenung no räisst hien offen Dieren an. Dat hei alles mécht d'Regierung souwisou...

***(Interruptions)***

...an dofir ass fir eis dës Motioun net akzeptabel.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Minister Michel Wolter.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass scho richteg datt mer hei zu Lëtzebuerg e Problem hu wat déi termingerecht Ofliwwerung vu Schoulinfrastrukturen ubelaangt.

Dat ass, wéi den Här Fayot et luewenswäerter Weis gesot huet, net eppes wat sech eréischt an deene leschten zwee, dräi Joer gewisen huet, mä dat ass e Phenomeen dee sech iwwert déi lescht zéng bis 15 Joer ëmmer an ëmmer nees an der politescher Diskussioun erausgestallt huet. Et ass d'ailleurs - géif ech dem Här Gibéryen soen - eppes wat net ënnert d'exklusiivt Verhale vun de sukzessive Regierungen eleng fält, mä ech kéint dat Kompliment och un eng ganz Rei vu Gemenge weider ginn, wou mer ähnlech Problemer am Laf vun den Zäiten haten, dat heescht d'Inadéquatioun tëschent deem Moment wou een eppes feststellt an dann deem Moment wou een dat Gebai dann à disposition ka stellen.

Et ass jorelaang an der politescher Diskussioun gesot ginn, et misst ee sech eng Approche ginn, et misst ee Kritäre sichen, et misst ee Konditioune sichen. Net méi spéit wéi déi lescht Woch hu mer hei an der Chamber bei dräi Chamberskommissiounen zesummen de Plan sectoriel „lycées" virgestallt, wou no deene Kritären, déi do gefrot gi sinn, elo eng Approche virläit, wou mer net nëmmen den zukünftege Schoulbedarf gekuckt hunn an och Propositioune gemaach hu wou dee Schoulbedarf soll ofgedeckt ginn, mä wou och bei deene bestehende Gebaier an deene Gebaier, déi transforméiert a verlagert musse ginn, am Detail Solutiounen do leien.

Wat elo d'Motioun hei an haaptsächlech d'Europaschoul ubelaangt, wéilt ech soen, dass d'Regierung seit dem November 2001 eng Propositioun arrêtéiert huet, déi se och gewëllt ass ëmzesetzen. Déi Décisioun vum 16. November ass deene kompetenten Autoritéite vun der Europaschoul matgedeelt ginn a si ass am Mee 2002 zu Nice akzeptéiert ginn.

Mir wëllen deen zweete Lycée aus landesplanereschen Ursaache westlech vun der Stad Lëtzebuerg uleeën, well dat och vun der geographescher Répartitioun vun de Leit, déi an den europäeschen Institutioune schaffen, Sënn mécht. Mir sinn an deene leschte Méint an de Gespréicher gewiescht mat der Gemeng Mamer, fir déi genau Plaz ze fanne wou mer dann dee Lycée hisetzen. Déi Gespréicher hu sech e bëssen higezunn. Mir sinn awer elo an enger leschter Réunioun och eens ginn iwwert den Emplacement. Déi nächst Etapp ass déi, dass d'Commission d'acquisition muss dofir Suerg droen, dass déi Terrainen och elo kaaft ginn, fir datt een déi zweet Schoul kann dohinner setzen.

Dann, wéi gesot, huet d'Madame Brasseur iwwert de weidere Verlaf vun de Prozedure geschwat, wou eis einfach d'Erfahrung weist, dass mer déi net kënnen accéléréieren. Déi Prozedure sinn eben esou opgrond vu Gesetzer a vu Reglementer, déi mer eis awer selwer ginn hunn. Et ass domadder ze rech-

nen, dass e Projet de loi nach wa méiglech an dëser Legislaturperiod géif gestëmmt ginn. Duerno muss ee mat wéinstens dräi Joer Ëmsetzungszäit a Bauzäit rechnen, esou dass mer dovun ausginn, dass mer déi Schoul bis zum Joer 2007 zur Verfügung hunn. Vu dass mer also 2007 da sinn, an net 2004, huet d'Regierung sech gläichzäiteg Gedanke gemaach wéi dann déi Tëschephas ka geléist ginn.

D'Madame Hennicot huet mer grad just elo nach eng Kéier gesot, dass e Projet de loi an nächster Zäit wäert déposéiert gi fir déi Tëscheléisung ze organiséieren, fir dass mer also déi Zäit vun 2004 bis 2007 iwwerbréckt kréien.

Schlussendlech wëll ech nach soen, dass d'Prévisiounen, wat d'Population scolaire an der Europaschoul ubelaangt, bei 250 Schüler fir dat nächst Joer, bei 400 Schüler fir 2004 a bei 320 Schüler an de Joren 2005 bis 2008 leien, esou dass mer mat dem Projet de loi vun der Tëscheléisung déi Zäit bis 2007, bis déi zweet Europaschoul da fonctionnell si kann, iwwerbréckt kréien.

Ech mengen, dat waren déi puer Saachen, déi ech vu menger Säit aus konnt dobäisetzen. Et ass mer net méiglech, dat ass net mäi Politikfeld, fir iwwert d'Politique du siège ze diskutéieren an dat war och net richteg den Objet vun der Motioun déi hei développéiert ginn ass, mä et ass selbstverständlech dass d'Regierung, och wat d'Infrastrukturen ubelaangt, gewëllt ass der Kommissioun an deenen aneren europäeschen Institutiounen, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, déi Moyenen zur Verfügung ze stellen déi se brauchen, fir kënnen ënner gudde Bedingungen ze schaffen. Dat ass zwar e Saz dee ganz oft méi einfach gesot ass wéi da konkret op der Plaz ze realiséieren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. D'Motioun läit Iech schréftlech vir a mir kommen zur Ofstëmmung vun der Motioun vum Här Ben Fayot.

***(Interruption)***

De Vote électronique ass verlaangt.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 33 Neea 24 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err (par M. Georges Wohlfart), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Paul-Henri Meyers), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf);*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jeannot Belling), John Schummer et Théo Stendebach.*

Domat wier dee Punkt ofgeschloss. Mir kommen elo zur Diskussioun vun der Proposition de révision vun den Artikelen 51 an 52 vun der Verfassung. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sief drun erënnert, datt bei dësem Projet nom Artikel 114 vun eiser Verfassung ofgestëmmt gëtt, dat heescht datt mindestens dräi Véirel vun den Deputéierte musse present sinn an datt de Projet mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel muss ugeholl ginn.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Santer, Bodry, Rippinger, Gibéryen, d'Madame Wagener an den Här Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de révision, den honorablen Här Paul-Henri Meyers.

## 9. 5035 - Proposition de révision des articles 51, paragraphe (6) et 52, alinéa 3 de la Constitution

***Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle***

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber, déi als Constituante versammelt ass, soll haut hir Zoustëmmung ginn zu der Ofännerung vun den Artikelen 51, Paragraph 6, an 52, Alinéa 3, vun eiser Verfassung.

De Virschlag fir déi Ofännerung unzehuelen ass den 10. Oktober 2002 hei an der Chamber déposéiert ginn. De Statsrot huet den 28. Januar 2003 säin Avis ofginn. Den 29. Januar 2003 huet d'Kommissioun vun den Institutiounen a vun der Révisioun vun der Verfassung deen Avis vum Statsrot analyséiert an de 5. Februar huet déiselwecht Kommissioun hire schréftleche Rapport ugeholl.

All Ofännerung vun der Verfassung ass e politeschen Akt, deen eng besonnesch Bedeitung huet. D'Verfassung steet an der Hierarchie iwwer all anere Gesetzer. Si garantéiert eis Grondrechter a regelt och d'Relatiounen tëschent den Institutiounen. Den Artikel 114 vun der Verfassung gesäit dann och vir, dass all Ofännerung mat enger qualifizéierter Majoritéit muss ugeholl ginn. Bei der Verfassungsännerung mussen dräi Véirel vun den Deputéierte present sinn an et mussen zwee Drëttel vun deene presenten Deputéierte mat der Ofännerung d'accord sinn.

Virun de Wahle vun 1999 huet déi viregt Chamber an enger Deklaratioun vum 21. Mee 1999 115 Artikele vun der Verfassung zréckbehalen, déi kéinten ofgeännert ginn. Dorënner waren och d'Artikelen 51 an 52. Déi zoustänneg Kommissioun vun den Institutiounen an der Verfassungsrevisioun huet déi zwee Artikelen, esou wéi och aner Artikelen, ënnersicht a si ass an hirer Majoritéit zu dem Entschloss komm, datt zu dësem Zäitpunkt nëmmen de Paragraph 6 vum Artikel 51 an den Alinéa 3 vum Artikel 52 sollen ofgeännert ginn. All aner Bestëmmunge vun deenen zwee Artikele sollen onverännert bleiwen.

Elo zum Artikel 51 selwer. Am Paragraph 6 vum Artikel 51 heescht et, datt eist Land a véier Wahlbezierker agedeelt ass: de Süden, den Zentrum, den Norden an den Osten, an a Klammeren hannert deene Bezierker stinn d'Nimm vun den Haaptuerter vun de Kantonen, mä a Wierklechkeet sollen déi Nimm awer d'Limitatioun vun de Wahlbezierker duerstellen, dat heescht d'Kantonen. U sech awer ass et esou, dass den Text net ausdrécklech seet dass déi Nimm do sech op d'Kantone bezéien. Fir dat ze preziséiere war d'Kommissioun der Meenung, dass ee soll déi Prezisioun an den Text kloer aschreiwen, fir all Malentendu aus dem Wee ze goen.

D'Ännerung, där d'Chamber haut zoustëmme soll, ass also reng formaler Natur. Et gëtt näischt um Artikel 51, Paragraph 6 geännert wat de Fong betrëfft. De Statsrot ass mat där Ofännerung d'accord, allerdéngs huet hien a sengem Avis drop higewisen, dass bei eis am Land de Kanton verwaltungsméisseg eigentlech keng Bedeitung méi huet, mä dass en eleng nach dozou déngt fir d'Wahlbezierker festzeschreiwen.

Beim Artikel 52 gëtt den Alinéa 3 ofgeännert, deen d'Bedingungen opzielt fir gewielt ze ginn. Et ass also dat sougenannt passiivt Wahlrecht, wat op engem Punkt ofgeännert gëtt. Eng vun deene Bedingungen, déi opgezielt sinn, betrëfft den Alter vun de Kandidaten. Deen Alter ass zënter der Reform vun 1972 op 21 Joer festgesat. Et gëtt virgeschloen deen Alter op 18 Joer erof ze setzen. Domat gëtt souwuel den Alter fir ze wiele wéi och dee fir kënne gewielt ze sinn, dat heescht fir kënne Kandidat ze sinn, deeselwechten. Et muss een och drop hiweisen, dass zënter 1975 den Alter wou ee groussjähreg gëtt och op 18 Joer festgesat ass.

Mat der Ofännerung vum Artikel 52, Alinéa 3 an duerch d'Festleeën op 18 Joer vun eisem passive Wahlalter, kritt also de jonke Bierger mat 18 Joer all seng zivil a politesch Rechter. Fir de Statsrot ass dat och d'Haaptargument, fir dem Erofsetze vum passive Wahlalter op 18 Joer zouzestëmmen. Wann e jonke Mënsch mat 18 Joer all seng zivilrechtlech a sozial Rechter huet, da muss een och unhuelen, dass en zum selwechten Alter och seng politesch Rechter voll a ganz kann ausüben.

Et muss een awer och soen, dass d'Revisioun vum Artikel 52 enger allgemenger Entwécklung entsprécht, déi an déi Richtung geet vun der Ausdehnung vun de politesche Rechter op verschidde Kategorië vu Leit, déi bis elo vun deene Rechter deelweis ausgeschloss waren. Dat waren notamment och déi jonk Leit vun 18 bis 21 Joer, déi zwar konnte wiele goen, déi awer net konnte Kandidat sinn. Déi Reform hei geet also an d'Richtung, wéi de Francis Delpéré gesot huet, am Sënn vun engem Suffrage „qui soit le plus universel possible".

Déi Jonk, déi mat 18 Joer d'Méiglechkeet kréie fir bei politesche Wahlen ze kandidéieren, kréien also domat d'Unerkennung zougesprach, dass se d'Kapassitéit hunn an dass se déi politesch Verantwortung och kënnen iwwerhuelen. Mir sinn der Iwwerzeegung dass dat de Fall ass, well an der Kommissioun selwer hunn ech kee fonnt dee sech där doter Revisioun, dat heescht dem Erofsetze vum Wahlalter vun 21 op 18 Joer, widdersat hätt oder deen net domat d'accord gewiescht wär.

Déi Reform ass och noutwendeg an et ass d'Viraussetzung, fir dass mer d'Wahlgesetz kënne stëmmen, well am Wahlgesetz deeselwechten Alter och fir Kandidat ze sinn ageschriwwen ass.

Ech géif och mengen, dass d'Chamber där Revisioun, esou wéi dat an der Kommissioun war, mat enger grousser Majoritéit géif zoustëmmen an déi Texter, déi mer proposéieren, vun den Artikelen 51 an 52 vun der Verfassung esou ze stëmmen, wéi d'Kommissioun dat virgesinn huet.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Patrick Santer agedroen. Den Här Santer huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Patrick Santer *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Här Paul-Henri Meyers, am Numm vu menger Fraktioun fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Bericht félicitéieren. Och huet hien d'Diskussioun an der zoustänneger Kommissioun op dësem Punkt, mä och am allgemengen, mat senger gewinnter Fachkenntnis geleet.

***(M. Jean Asselborn prend la Présidence)***

Här President, mir ginn haut mam Vote vun der virleiender Ännerung vum Artikel 52 vun der Verfassung e weidere Schrëtt a Richtung vun der vollstänneger Integratioun vu jonke Wieler an dat politescht Liewen. Bis elo louchen tëschent dem Moment wou e Jonke wiele konnt goen an deem wou e konnt gewielt ginn dräi Joer. Dësen Ënnerscheed huet sech praktesch a konzeptuell erkläert. Engersäits war de passive Wahlalter bis zur leschter Verfassungsännerung 1972 op 21 Joer festgeluecht. Deemools gouf den Alter mat deem een aktiv konnt wiele goen op 18 Joer erofgesat. Et ass eréischt no der leschter Verfassungsännerung 1972 dat d'Volljähregkeet op 18 Joer agefouert gouf.

Den Altersënnerscheed tëschent aktiivt a passiivt Wahlrecht geet op 1919 zréck. Anerersäits gouf dëst och erëm argumentéiert, an zwar virun allem domat, datt e jonke Mënsch zwar mam Erreeche vun der Volljähregkeet och sollt kënne wiele goen, him et allerdéngs zu deem Moment nach u Maturitéit feelt fir mat der Verantwortung eens ze ginn, dat e Chambersmandat oder eent an engem Gemengerot him géif operleeën. Dës Argumentatioun kann een eventuell novollzéien. Selbstverständlech feelt engem 18-Jähregen nach villes u Liewenserfahrung an en ass dacks a senger Ausbildung ënnerwee. Mat 18 Joer seng Matmënschen an enger lokaler oder esouguer nationallegislativer Assemblée ze vertrieden, ass ënnert deenen Ëmstänn keen einfachen Exercice. Mä dëst sinn nëmme praktesch Reflexiounen.

Op engem méi fundamentalen Niveau ass et méi schwéier den Ënnerscheed tëschent aktivem a passivem Wahlalter ze rechtfertegen. Dat ass schwéier, well et kee juristescht Argument gëtt mat deem ee géif e gudde Grond etabléieren, den 18-Jähregen zwar d'Wahlrecht an zu Lëtzebuerg also d'Wahlflicht ze ginn, se gläichzäiteg awer fir dräi weider Joer vun der Wielbarkeet auszeschléissen.

Wa vun engem jonke Mënsch den Dicernement verlaangt gëtt, deen e brauch fir ze décidéieren, wiem en d'Geschécker vu senger Gemeng oder esouguer vum Land wëllt uvertrauen, wann een engem 18-Jähregen also als e vollstännegen, informéierte politesche Choix un der Urne ofverlaangt, da misst domat an aller Logik och verbonne sinn, datt een him d'Recht gëtt sech enger Wahl ze stellen.

Mat där Verfassung, déi mer haut ofstëmmen, hiewe mer den Altersënnerscheed tëschent dem aktiven an dem passive Wahlalter op. Wéi scho gesot, mengen ech, datt dëst e ganz wichtege Vote ass, well mer domat déi vollstänneg politesch Gläichberechtegung vun de jonken Erwuessene realiséieren. Mat 18 ass ee voll strafmündeg, et kann ee vun engem verlaangen seng Responsabilitéit fir seng Akten ze iwwerhuelen, et kritt een esouguer eng vollstänneg Verfügbarkeet iwwer säi Patrimoine. Just ee Recht, e wichtegt, wann net de Wichtegsten an enger demokratescher Gesellschaft, war bis haut den 18-Jähregen net ginn. Dat war dat sech wielen ze loossen. Nodeems all aner Rechter an och Flichten awer deenen 18-Jährege ginn an operluecht sinn, complétéiere mer dëse Mosaik mat deem leschte Steen deen nach gefeelt huet, nämlech dee vun der Wielbarkeet.

Här President, et gouf och déi, déi gemengt hunn, fir d'Participatioun vun de Jonken um politesche Liewen nach ze förderen, soll een de Wahlalter nach weider erofsetzen. 16 oder 17 Joer sinn do als méiglech Stéchalter zirkuléiert. D'Kommissioun huet dës Iddien net zréckbehalen a meng Fraktioun war där Propos och net positiv gesënnt, aus deeneselwechte Grënn eigentlech, déi eis zu enger positiver Haltung géintiwwer dem Erofsetze vum passive Wahlalter op 18 Joer motivéiert hunn. Fir eis sollt et nëmmen ee Majoritéitsalter ginn, un deen zivil a politesch Rechter geknäppt sinn. Dat sinn zu Lëtzebuerg 18 Joer. Wann ee mat deem Alter erwuesse gëtt am Sënn vum Erlaange vun alle Rechter a Flichten, déi d'Erwuesseneliewen engem zougesteet, Bestietnes, Verfügbarkeet vu sengem Patrimoine, Stroffäegkeet an esou weider, da muss et och dësen Alter a kee méi fréie sinn, mat deem ee politesch kapabel gëtt, dat heescht wiele ka goen a gewielt ginn.

Den Antrëtt an den Alter vun der Volljähregkeet ass e wichtege Punkt am Liewe vun engem jonke Mënsch, mat deem och d'Integralitéit vun Attributë vum Erwuesseneliewe soll verbonne sinn. Dozou gehéiert deen an enger Demokratie fundamental wichtege vun der Participatioun um politesche Liewen.

Zwar goufen an anere Länner Experimenter mat enger weiderer Senkung vum Wahlalter gemaach, mä dës Experimenter hunn definitiv net déi Resultater gezeitegt, déi hir Initiatore sech erhofft haten. Weder d'Engagement vun de Jonken un d'Politik nach hir effektiv Participatioun u Wahlen, an dat ware meeschtens Gemengewahlen, weisen aus, datt d'Wiele mat 16 Joer eng Moossnam ass, mat där ee massiv Jugendlecher fir dat demokratescht Liewe ka begeeschteren.

Déi Revisioun vun der Verfassung, déi mer haut stëmmen, ass domat an eisen Ae grad esou sënnvoll wéi ausreechend. Sënnvoll fir gläich Rechter fir all erwuesse Bierger, och déi 18-Jähreg, an eisem Land ze schafen, ausreechend, well een de Wahlalter sollt op déi Erwuesse limitéieren.

D'CSV-Fraktioun wäert also dës Verfassungsrevisioun stëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Patrick Santer. Nächste Riedner ass den Här Alex Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dëser virgeschloener Verfassungsreform setze mer eis Aarbechten hei als Chambre constituante fort, fir mat Etappen no an no eng Moderniséierung vun eisem Verfassungstext virzehuelen.

D'Majoritéit huet déi Iddi opginn, déi se 1999 lancéiert hat fir eng global Reform vun der Verfassung ze maachen, déi da géif dem Vote vun de Wieler virgeluecht ginn, mä mir hunn eis an der Kommissioun gemeinsam drop verstännegt, dass mer géife Kapitel fir Kapitel de Verfassungstext duerchforsten an do wou et néideg ass dann déi punktuell Ännerunge vun eiser Loi suprême virzehuelen.

De Rapporteur, den Här Meyers, huet am Detail erläutert ëm wat et hei geet. Och ech wëll him am Numm vu menger Fraktioun merci soe fir déi Aarbecht, déi en an deem heite Punkt gemaach huet. Ech kann dofir mech op e puer Aspekter vun dëser Verfassungsreform beschränken.

Dee wichtegste Punkt virgeholl. Dat ass am Fong d'Modificatioun

vum Artikel 52, Ofsaz 3, vun eiser Verfassung, wou eigentlech de Wee fräi gemaach gëtt, ech géif soen endlech fräi gemaach gëtt, fir de Mindestalter beim passive Wahlrecht vun 21 op 18 Joer erofzesetzen. An Zukunft kann ee mat 18 Joer Kandidat fir d'Chamberwahle sinn. Dëst Kapitel vun der Verfassung betrëfft eigentlech nëmmen d'Wahle fir d'Chamber, mä wa mir an deenen nächsten Deeg d'Ofännerung vun eisem Wahlgesetz stëmmen, da kann een och fir d'Kommunalwahlen a fir d'Europawahlen an Zukunft Kandidat gi wann ee mindestens 18 Joer huet.

Domat ass ënner anerem enger Fuerderung Rechnung gedroen, déi zënter enger Rei vu Joren an der Politik scho geäussert ginn ass. Bal sämtlech Parteien haten déi dote Fro an hirem Wahlprogramm vun 1992 drastoen, mä och an der viregter Legislaturperiod sinn et Gesetzesinitiative ginn, ass et och senger Zäit e Pabeier gi vum Jugendministère, wou sech ganz kloer ausgeschwat ginn ass fir d'Erofsetze vum passive Wahlrecht vun 21 op 18 Joer. Déi viregt Regierung hat prinzipiell, opgrond vu mengem Virschlag, schonn décidéiert fir déi néideg Schrëtter ze huelen, fir dass kënnt d'Verfassung ëmgeännert ginn an dass da kënnt déi dote legislativ Modificatioun och ëmgesat ginn.

Dëst ass eigentlech déi drëtt Etapp an der Festleeung vum passive Wahlrecht an der Geschicht vun eisem allgemenge Wahlrecht. 1919 long deen Alter bei 25 Joer. En ass 1972 op 21 erofgesat ginn, a schlussendlech elo am Joer 2003 wäert en op 18 Joer festgeluecht ginn. Domat bewege mir eis an enger gewëssener Logik, enger interner Logik, géif ech soen, andeem ee seet, dat passiivt Wahlrecht gëtt mat dem Groussjähregkeetsalter gläichgestallt. Dat schéngt mir eigentlech eng ganz normal Saach ze sinn. Dat war iwwregens och 1972 de Fall, well 1972, wéi d'Modificatioun vun der Verfassung virgeholl ginn ass, fir de passiven Alter op 21 Joer fest ze setzen, do war deemools d'Majoritéit bei 21 Joer. Et huet leider iwwer 30 Joer gedauert bis mir dann deen, mengen ech, logesche Schrëtt maachen an eigentlech d'Recht fir Kandidat ze si bei minimal 18 Joer festleeën.

Mä et ass net nëmmen eng intern Logik, där mir hei noginn, et ass och eng Logik am internationale Verglach. Ech hat mer 1997 d'Méi gemaach e bëssen ze kucke wéi et dann an Europa ass, an do stellt ee fest, dass an der Majoritéit vun de Länner - net an alle Länner, mä an der Majoritéit vun de Länner - ganz kloer d'Tendenz ass, deeselwechten Alter virzegesi fir dat aktiivt wéi fir dat passiivt Wahlrecht, esou dass mer also hei an enger Logik eis befannen, wa mer dës Konstitutiounsreform virhuelen.

Ech sinn awer och grad esou sécher, dass et net bei dëser Reform wäert bleiwen an dass déi Festsetzung op 18 Joer eng Fro ass, wou déi nächste Chamberen am Laf vun de Jorzéngte sécherlech wäerten nach eng Kéier drop zréckkommen. Dat schéngt mir besonnesch richteg ze si fir dat aktiivt Wahlrecht, wou ech net onbedingt deen absolute Lien wëllt hierstelle mat der Groussjähregkeet, wéi dat mäi Virriedner, den Här Santer, gemaach huet. Dat war jo och net 1972 de Fall. 1972, wéi d'aktiivt Wahlrechtmindestalter op 18 Joer festgesat ginn ass, do war d'Majoritéit nach bei 21 Joer, dat heescht och schonn an der Vergaangenheet war et de Fall, dass eng Differenzéierung gemaach ginn ass tëschent dem Alter vun der Groussjähregkeet an dem aktive Wahlrecht. Ech mengen also, dass mat der Zäit och no an no zu Lëtzebuerg sech wäert méi eng staark Bewegung maachen, zumindest wat dat aktiivt Wahlrecht ass, fir och eng weider stufeweis Reduzéierung vun deem Mindestalter virzehuelen.

Mir schéngt et awer virun allem wichteg ze sinn, dass een der Rei no fiert an net hannen ufänkt. Menger Ansiicht no kann d'Erofsetze vum aktive Wahlalter an Zukunft net den Ufank vun enger Bewegung sinn, mä eigentlech den Endpunkt vun enger Bewegung. Wat mir also brauchen ass e Gesamtkonzept, wéi mir déi jonk Leit un d'Politik eruféieren, wéi mer se un d'Décisiounsprozesser eruféieren a mat kënnen integréieren. Dofir hate mir ënnert der viregter Regierung e Programm opgestallt mat Jugendgemengepläng, mat Jugendgemengeréit, mat Jugendforen, mat enger Rei vun Initiative fir d'Bedeelegung vun de Jugendleche méi grouss ze maachen a méi systematesch virzegesinn. Ech mengen, et ass an där doter Linn, wou och weider muss an deenen nächste Jore geschafft ginn. Da kann ee sécherlech iwwer eng weider Etapp vun der Erofsetzung vum Wahlalter schwätzen. Fir de Moment schéngt mer dat verfréit ze sinn. Dat ass jiddefalls d'Positioun vun der grousser Majoritéit vu menger Fraktioun.

Wou mir mussen drop oppassen, dat ass, wa mir déi Modificatioun un der Verfassung maachen a wa mer gläichzäiteg och eis normal Gesetzgebunge reforméiere ginn, dass mir dann awer eis Textformulatiounen ofstëmmen. An do muss ech mat Bedauere feststellen, dass et mir schéngt wéi wann eis dat net 100%eg an deem heite Fall gelonge wär. Ech hunn nämlech festgestallt, dass an deem Gesetzesprojet 4885 iwwert d'Reform vun eisem Wahlgesetz, wou mir jo och an deenen nächsten Deeg wäerten diskutéieren, stoen hunn, bei de Chamberwahlen, de Gemengewahlen an den Europawahlen, bei de Konditioune fir dat passiivt Wahlrecht „…être âgé de 18 ans accomplis au jour de l'élection". Mir setzen hei an de Verfassungtext eran, wann d'Chamber dat guttheescht: „…être âgé de 18 ans accomplis", ouni deen Zousaz „au jour de l'élection".

Ech hätt, muss ech éierlech soen, et méi elegant a méi richteg fonnt, wa mer schonn esou Texter aschreiwen, dass mir dann déiselwecht Textformulatioun gebrauchen an net am ale Gesetz dat eent stoen hunn an an der Constitutioun eppes aneschters stoen hunn. Dat schéngt mer besonnesch wichteg ze sinn an Zäite vu Verfassungskontroll, dass ee probéiert déi Texter do besser ze koordinéieren. Dee Versuch ass an deem heite Fall fehlgeschloen. D'Konsequenze si fir mech net dramatesch, mä et ass, muss ech soen, keng optimal Aarbecht déi hei geleescht ginn ass. Et wär besser gewiescht, et hätt een iwwerall deeselwechten Text gehat, da geet een ale Schwieregkeete vun Interpretatioun aus de Féiss. Dat ass eis hei gemeinsam, muss ech soen, an ech wëll do kengem eng besonnesch Schold zouweisen, net gelongen.

Et schéngt mir awer besonnesch wichteg ze sinn, wa mer elo dee Schrack maache mat der Reform vum passive Wahlalter, dass mir dat net nëmmen duerchzéie bei de politesche Wahlen, wéi et elo virgesinn ass, mä dass an därselwechter Iddi a sämtlechen Texter wou Wahle stattfannen, wou also och ee ka Kandidat sinn, den Alter elo op 18 Joer muss festgeluecht ginn. Dat gëllt fir d'Sozialwahlen. Dat gëllt fir d'Wahle fir d'Beruffschamberen. Dat gëllt fir d'Wahlen an de Betriber, fir d'Delegatiounswahlen. Do hu mir nach oft an eisen Texter déi al Limitë stoen. Dat geet net. Mir mussen, conforme zu deem Gedanken dee mir eis hei ginn an zu där Logik mat där mer ufänken ze schaffen an der Verfassung, sämtlech spezifesch Texter upassen, an dofir d'Opfuerderung vun eiser Säit un d'Regierung och do aktiv ze ginn an hirer eegener Logik, an eiser Logik, an déi néideg Virschléi ze maache wat d'Ofännerung vun anere Gesetzestexter ugeet, haaptsächlech am Sozialberäich, wou et sech ëm Wahlen handelt a wou och do d'Bedingunge vun dem passive Wahlrecht fir Kandidat ze si mussen déiselwecht sinn, dat heescht och do musse mir vun 21 Joer op 18 erofgoen, well soss ergëtt dat Ganzt kee Sënn.

E puer Wuert nach zu der geplangtener Modificatioun vum Artikel 51.6, wou et méi ëm d'Formulatioun geet wéi ëm de Fong. Effektiv ass et esou, an ech sinn net ganz onschëlleg un där heiten Ännerung, dass, wann een haut den Text vum Artikel 51.6 liest, een Aussestehenden net verstoe ka wéi eis Wahlbezierker zesummegesat ginn, well do nëmmen einfach Uertschaftsnimm drastinn, an et steet néierens dass dat eigentlech de Chef-lieu ass vun de Kantonen, déi zu deene Wahlbezierker gehéieren.

Dat verstinn déi Leit, déi hei am Lëtzebuerger Ëmfeld kënneg sinn, mä en Aussenstehenden, deen dat dote liest, kann dat doten net verstoen. Och do war d'Meenung vun eiser Fraktioun am Moment, wou mer jo e Verfassungsgeriicht, eng Verfassungskontroll hunn - a mir sinn net méi spéit wéi d'lescht Woch gewuer gi wéi haart dass heiansdo kënnen déi Uerteeler vun engem Verfassungsgeriicht ausfalen -, dass ee wa méiglech sech muss prezis Texter ginn an d'Interpretatiounsrumm esou kleng wéi méiglech halen. Et ass an deem Sënn wou mer selbstverständlech mat d'accord sinn, dass an deem Artikel do preziséiert gëtt, dass et sech bei der Opzielung, déi bei de Wahlbezierker ass, ëm d'Kantonen handelt.

Déi Alternativ, déi mer gehat hätten - well et kann ee jo soen: „Wat soll dee Kanton eigentlech nach haut bedeiten?", an et si vill Leit, déi dat soen -, wier gewiescht sämtlech Gemengen opzezielen déi zu deem Wahlbezierk gehéieren. Ech mengen aus Lieserlechkeet vun der Verfassung léisst sech hei awer de Réckgréff op de Kanton rechtfertegen. Dofir si mer d'accord fir mat op deen dote Wee ze goen.

Et huet sech an der Diskussioun an der Kommissioun erausgestallt, dass keng Verfassungsmajoritéit fir de Moment do ass, fir aner méi déifgräifend Modificatiounen un eisem Wahlsystem, respektiv un eiser Opdeelung vun de Wahlbezierker virzehuelen. Do gëtt et Positioune vun där enger oder vun där anerer Partei. Et gëtt och an de Parteie verschidde Meenungen zu deem dote Punkt.

Ech wëll hei nëmmen déi puer Iddien oplëschten, déi emol esou am Raum doruechter schwiewen. D'Iddi fir een eenzege Wahlbezierk aus Lëtzebuerg ze maachen, wéi mer et jo scho bei den Europawahlen hunn. Et ass d'Iddi fir véier Bezierker bestoen ze loossen, mä en neien Découpage ze maache vun deene Bezierker, eenzel Gemengen also ze transféréiere vun engem Bezierk an deen aneren. Et ass d'Iddi do fir e fënnefte Wahlbezierk ze maachen, de Wahlbezierk Westen, wouvu schonn emol Rieds war. An et ass eng aner Iddi do, déi eigentlech déi ass, wou ech perséinlech kënnt mat op dee Wee goen, dass mer eis an der Logik weider bewegen an eisem Leitprogramm vun der Landesplanung, wou mer nach nëmmen e Projet hunn, Här Minister, mä wou deemnächst dann och wäert en definitive Programm entstoen.

Wann dat dann esou bleift wéi et geplangt war, hätte mer sechs Planungsregiounen an et wier eigentlech an der Logik, wa mer déi Regionalopdeelung bis un d'Enn denken, dass een do och déi politesch Réckschlëss dorauser zitt an dass een da géif dohinner goen, wann ee wëllt u Wahlbezierker festhalen, an eigentlech op sechs Wahlbezierker géif kommen, dat heescht dass een déi Planificatiounsopdeelung vum Land a verschidde Regiounen als Grondlag hëlt fir och d'Wahlbezierker festzeleeën. Et ass sécherlech ze fréi fir haut schonn deen dote Schrëtt ze maachen, mä et ass awer à long terme eng Méiglechkeet fir dat ze maachen, wann een déi Planungsregioune seriö hëlt.

***(Interruption et hilarité)***

Ech ginn hei eng perséinlech Meenung erëm. Ech weess, dass den Här Fayot déi Meenung net deelt, mä den Här Fayot huet awer och keng majoritaire Positioun bei eis an der Partei.

Une voix.- Très bien.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här Bodry, mir sinn am 21. Jorhonnert an net am 19. Jorhonnert.

***(Hilarité)***

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech gleewen awer, Här Fayot, méi un d'Regiounen hei zu Lëtzebuerg wéi un d'Bäibehale vun 118 Gemengen hei am Land. Ech mengen dass et éischter wäert op deen dote Wee goe wéi op en anere Wee. Ech gleewen och ni, dass mer jee eng Gemeng nëmme wäerten hei zu Lëtzebuerg hunn.

Et muss ee feststellen, dass mer op deem dote Punkt, wéi gesot, eréischt am Ufank vun eisen Debatte sinn. Mir fanne kee Konsensus fir do weide rze kommen an d'Verfassungsreformen hei zu Lëtzebuerg maache sech eben op deem klengste gemeinsamen Nenner, an dat ass dat wat mer hei virleien hunn. Eis Fraktioun wäert dat dote stëmmen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Den nächste Riedner ass den Här Rippinger. Här Rippinger, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Member vun enger Fraktioun, déi heibannen déi zwee jéngst Deputéierten huet, ass et jo eng Selbstverständlechkeet, dass mir zu esou engem Text Jo soen.

***(Brouhaha général)***

Dat ëmsou méi, wou nach en anere fréiere jonken Deputéierten an der Regierung ass, dee mat enger Modificatioun vun deem Artikel vun der Constitutioun komm ass, den Här Eugène Berger, deen 1995 eng Proposition de loi gemaach huet fir dat passiivt Wahlalter vun 21 op 18 erof ze setzen. Ech kann do nëmmen der Oppositioun soen, dass déi Proposition de loi esou e Sort kritt huet wéi hir Propositions de loi an dëser Legislatur ni ee kréien, dat heescht keen Avis vum Conseil d'Etat, a si ass iwwerhaapt emol net hei exposéiert ginn am Plenum.

D'Revisioun vun eiser Verfassung, déi mer haut stëmme sollen, Här President, bréngt eigentlech zwou Ännerungen. Fir d'éischt ginn elo emol d'Wahlbezierker spezifesch unhand vun de Kantonen definéiert an zweetens gëtt den Alter fir dat passiivt Wahlrecht op 18 Joer erof gesat.

Wat déi éischt Ännerung ubelaangt, esou geet et hei, géif ech soen, trotz allem nëmmen ëm en einfache Formalismus. Virdrun ass sech an eiser Constitutioun implizit op d'Kantone referéiert ginn. Elo ass déi Referenz explizit. Op dësem Punkt gëtt also déi rigide Verfassung, déi mer hunn, méi prezis. Et kann ee sech d'Fro stellen - an ech menge mäi Virriedner huet déi gestallt -, ob eng Referenz op d'Kantoner iwwerhaapt néideg ass, vu dass d'Kantoner als juristesch Entitéit hir Bedeitung schonns laang verluer hunn. De Statsrot huet och näischt géint d'Uwendung vun der Notioun vum Kanton bei der Definitioun vun de Wahlbezierker.

Verschidde Grënn schwätze fir d'Uwendung vun der Notioun vum Kanton. Éischtens ass de Kanton nämlech schonns am Artikel 2 vun eiser Constitutioun als administrativ Ënnerdeelung vun eisem Land virgesinn. De Kanton gëtt op senger Säit erëm benotzt fir aner territorial Ënnerdeelungen ze bestëmmen. Drëttens de Begréff vum Kanton ass fest an den Traditioune vun eisem Land verankert an d'Ofschafe vun dëser Notioun géif bei engem Deel vun eiser Populatioun, mengen ech, net gutt ukommen.

***(Interruption)***

Vläicht och net nëmmen déi.

An dem Projet de loi iwwert déi fräiwëlleg Fusioun vun de Gemenge gëtt sech erëm op de Begréff Kanton referéiert. Mäi Virriedner huet dat gesot an dat kann ech nëmme bestätegen, dass keng Partei bereet gewiescht ass, oder dass mir an der Kommissioun keng qualifizéiert Majoritéit kritt hunn, fir aner Ännerungen un deem Artikel virzehuelen.

Ech weess net wéi et lech geet, mä ech ginn alt heiansdo drop ugeschwat, wéi d'lescht Kéier zu Miersch an enger Versammlung, dass d'Kandidaten, déi aus deem Kanton kommen, der Meenung si si hätten eigentlech, esou wéi d'Bezierker agedeelt sinn, keng Chance vis-à-vis vun aneren Deputéierten, déi am Zentrumsbezierk kandidéieren, wéi zum Beispill déi vun der Stad Lëtzebuerg, wou méi e grousse Wielerpotenzial ass. Dat ass eppes dat mer ëmmer erëm vun deene Kandidate gesot kréien. Datselwecht soll och zum Beispill gëlle fir de Kanton Capellen. Do ware jo emol Bestriewunge fir de Kanton Miersch an de Kanton Capellen an ee Bezierk zesummenzeleeën.

Ausser deene Gréngen, déi eng aner Propositioun gemaach hu fir aus dem ganze Land ee Bezierk ze maachen, ass et awer elo esou dass sech keng Majoritéit fonnt huet fir an der Andeelung vun de Bezierker zu dësem Zäitpunkt eppes ze änneren. Och meng Partei wollt dat net - dat muss ech ganz kloer hei soen -, och net zu deem Punkt, wat d'Zuel vun den Deputéierten hei am Land ubelaangt.

Nach kuerz, wat elo d'Erofsetze vum Alter vun dem passive Wahlrecht betrëfft, muss ech bemierken, dass et do zwou Propositions de loi waren, engersäits déi vun dem Här Berger, mä awer och - an et wonnert mech e bëssen, dass d'Sozialisten net dovunner geschwat hunn - eng vum Här Kollwelter a vum Här Zanussi 1996, déi dat passiivt Wahlrecht...

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- ...déi vum Här Berger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Vun där hunn ech virdru geschwat. Du waart Dir vläicht just dee Moment net heibannen. Den Här Berger huet der och zwou eraginn.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Dono, deen huet sech ugehong.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Neen, dem Här Berger seng ass vun 1995. An der Sëtzung vum 7. Dezember 1995 huet den Här Berger seng hei déposéiert. Déi aner Proposition de loi, déi vum Här Kollwelter a vum Här Zanussi, ass an der Sëtzung vum 7. Mäerz 1996 déposéiert ginn. Déi zwee Deputéierte wollten d'Passivwahlrecht och op 18 Joer erof setzen an dat aktiivt Wahlrecht op 17.

Mäi Virriedner huet elo dovu geschwat, de Wahlalter erof ze setzen op 16 Joer. Dat muss ee sech iwwerleeën. Elo besteet natierlech eng gewësse Similitude an deem wat d'Bedeitung ass vun dem Erofsetze vun dem passiven an dem aktive Wahlgesetz. Et sinn eng

ganz Rei vu wichtege Grënn déi dofir schwätzen. Och de Rapporteur, deem ech villmools merci soe fir säin excellente schréftlechen a mëndleche Rapport hei, huet dovunner geschwat.

Éischtens gesäit jo d'Reform vum Wahlgesetz, déi mer mar décidéieren, dës Ännerung vir. D'Emancipatioun vun eiser Jugend. Mir wëlle se méi fréi mat dem politesche Liewen a Kontakt komme loossen. Mir wëlle se dorunner deelhuele loossen. Ech mengen de Wëllen ass do. Et ass selbstverständlech och un hinne fir vun där Geleeënheet ze profitéieren a fréizäiteg aktiv um politesche Liewen deelzehuelen.

De Fait, dass déi Differenz téschent der ziviler Groussjähregkeet mat 18 an der politescher Groussjähregkeet mat 21 jo dee Moment trotz allem eng gewësse Kontradiktioun duergestallt huet, schafe mer elo of. Et ass och net evident ze justifizéiere firwat ee mat 18 Joer dat aktiivt Wahlrecht kritt an eréischt mat 21 dat passiivt. Mir hunn eis also do adaptéiert. An dat war och déi allgemeng Tendenz an der Europäescher Unioun, d'Erofsetze vum Alter wou ee sech ka fir déi legislativ Wahle presentéieren.

Dat si grosso modo déi Ursaache firwat mer eis Verfassung, déi jo och an deene leschten 20 oder 30 Joer, vun 1972 un, e puermol do geännert ginn ass, eben elo op een Nenner brénge beim aktiven a passive Wahlrecht. An esou wéi meng Virriedner dat hei gesot hunn, ass et eng Selbstverständlechkeet, dass mir als Fraktioun dësen Text an dës Modificatioun vun den Artikelen 51 an 52 vun eiser Verfassung stëmme wäerten.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Très bien. Merci, Här Rippinger. Den nächste Riedner ass den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, fir d'éischt wëll ech och vun eiser Säit aus dem Här Paul-Henri Meyers merci soen - hien huet sech lues a lues spezialiséiert als Rapporteur an de Verfassungsfroen - fir säin explizite Rapport, deen hien eis hei gemaach huet, a wou een zumindest dee juristesche Volet, wat déi Ännerungen ubelaangt, net ka besser hei erklären. Et huet ee sech dofir deem besser och unzeschléissen, wat hei an den Artikelen 51 an 52 vun eiser Constitutioun geännert gëtt.

Mir wëssen, dass mer am Schluss vun der leschter Legislaturperiod praktesch all bis op e puer Artikele vun eiser Constitutioun fräi ginn hate fir ze reforméieren an dass eis zoustänneg Kommissioun am Parlament periodesch elo hei an d'Chamber kënnt fir eis dann ebe Propositioune virzeleeën a wou bis haut, esou wäit ech mech erënnere kann, an dëser Legislaturperiod ëmmer e Konsens fonnt ginn ass, esou dass vun alle Fraktiounen déi Ännerunge konnte gedroe ginn. Esou ass dat, mengen ech, och dës Kéier de Fall. Ech brénge op jidde Fall och vun eiser Säit aus d'Zoustëmmung fir déi Ännerung vun dësen zwee Artikele vun eiser Constitutioun hei virzehuelen.

Et ass eng Iddi, déi och, wéi virdru gesot ginn ass bei deenen anere Parteien, bei eis am Wahlprogramm stung, fir dat passiivt Wahlalter op 18 Joer erof ze setzen. Mir hunn eis an eisen Diskussiounen deemools dergéint ausgeschwat fir ënnert déi 18 Joer erof ze goen, well mer awer e Parallellismus téschent dem Wahlalter an der Volljähregkeet zéie wollten a well mer jo och wëssen, dass, wa mer ënnert déi 18 Joer gaange wieren, dat eiser Meenung no hätt missen zur Konsequenz kréien, dass iwwert d'Groussjähregkeet hätt missen diskutéiert ginn.

An do gëtt et jo dann net nëmme Rechter, déi ee kritt hätt, mä et wär och eng ganz Rei vu Flichte ginn, déi een dann hätt misse Jugendlecher ënner 18 Joer zoukomme loossen. Ech denken nëmmen doru fir Kontrakter ze maachen. Ech denken awer och u Prozesser an hirem Uerteel, wou d'Mannerjähregkeet jo awer, kann ee soen, quasi e Virdeel nach ass virun der Groussjähregkeet, esou dass een do am Fong ka soen, dass hei dee Parallellismus aktive/passive Wahlalter mat der Groussjähregkeet eng richteg Iwwerleeung ass.

Mir sinn och frou dass mer dësen Artikel änneren ier mer mar d'Wahlgesetz änneren. Mir kënnen eis erënneren, dass mir och eng Kéier hei an der Chamber, zwar net mat eiser Zoustëmmung, de Maastrechter Vertrag fir d'éischt gestëmmt haten an dunn uschléissend si mer higaangen an hunn d'Constitutioun geännert, wat sécherlech net dee richtege Wee war.

D'Fro déi ee sech hei ka stellen ass - ech hat elo och mam Här Meyers doriwwer Rieds -, dass een am Fong weess, dass mer mat Wielerlëschte fueren an d'Wielerlëschte fir Wieler ze si ginn am Prinzip vun deem Joer virdru geholl. Am Gesetz, wat mer mar hei wäerte stëmmen, steet dran, dass een als Kandidat, also fir dat passiivt Wahlrecht ze hunn, muss „être âgé de 18 ans accomplis au jour de l'élection".

Et kann ee sech also reng theoretesch als Kandidat opstellen, ouni dass een zum Zäitpunkt, wou ee seng Kandidatur stellt, déi 18 Joer huet, mä et muss ee se hunn den Dag wou d'Wahle sinn. Fir Wieler ze si muss een am Prinzip op der Wielerlëscht stoen. Déi Wielerlëscht gëtt am Prinzip dat Joer virdrun opgestallt, esou dass een am Fong fir wielen ze goe muss op der Wielerlëscht sinn a quasi an der Regel iwwer 19 Joer hunn. Par contre kann ee Kandidat sinn ouni onbedéngt mussen op der Wielerlëscht ze stoen.

Et kann een awer opgrond vun enger Demande higoen, wann een nach net op der Wielerlëscht ass an et huet een den Dag vun der Wahl 18 Joer, a sech op d'Wielerlëscht zousätzlech aschreiwe loossen. Et ass op jidde Fall eng relativ komplizéiert Prozedur wéi mer se do hunn an et huet och wahrscheinlech jidderee se richteg elo verstanen, wéi ech se eventuell vläicht richteg elo hei erkläert hunn. Ech ginn dovunner aus, dass mer mar an der Debatt iwwert d'Wahlgesetz deen dote Punkt, deen dach awer e bësse paradox a sech schéngt, hei däerfe beliichten.

Richteg ass awer, wa mer d'Ëmfroe kucken, dass d'Jugend jo un der Politik net onbedéngt mat enger iwwerwältegender Majoritéit interesséiert ass. Doduerch dass mer elo d'Méiglechkeet schafen dass Jugendlecher vun 18 Joer u kënne Kandidat ginn, interesséiere sech vläicht verschidden Deeler vun der Jugend méi fréi fir d'Politik. Dat ënner anerem, well eben och Kolleeginnen oder Kolleegen aus hirer Alterskategorie als Kandidat bei esou Wahle figuréieren. Dat gëtt vläicht e positiven Effet op d'Jugend insgesamt, wa se an déi Richtung goe wëllt.

Ech gleewe kaum, dass mer esou séier doriwwer diskutéiere wäerte fir ënnert déi 18 Joer eng Kéier ze goen, souwuel wat dat passiivt wéi dat aktiivt Wahlrecht ubelaangt. Mir mussen ëmmerhi bedenken, dass et elo 30 Joer gedauert huet zënter dass mer dat passiivt Wahlrecht vu 25 op 21 Joer erof gesat hunn. 1976, oder vill méi d'Gemengerotswahlen am Oktober vun 1975 waren déi éischt, wou de Wahlalter op 21 Joer erofgesat gi war. Ech erënnere mech gutt drun, well wann deemools de Wahlalter net op 21 Joer erofgesat gi wier, hätt ech 1976 net kéinte kandidéieren an ech hätt net kéinte gewielt ginn. Dofir kann ech mech erënneren, dass dat deemools war.

***(Brouhaha général)***

Glift?

***(Interruptions)***

Jo, et wier wahrscheinlech e grousse Verloscht gewiescht.

***(Hilarité)***

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live
**Chamber TV**
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
**www.chd.lu**
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

Duerfir war ech och 1976 dee Jéngsten, dee bis dohinner an de Schäfferot komm ass, well virdrun nach kee konnt dra komm sinn. Dat war liicht nozerechnen.

Bon, et gesäit een also, dass dat eng laang Evolutioun vun 30 Joer war bis esou eng Etapp erëm gemaach ginn ass. Ech ka mer virstellen, dass eng nächst Etapp zumindest grad esou laang däerft daueren, wann et iwwerhaapt eng an déi Richtung gëtt. Op jidde Fall ass dat heiten insgesamt eng positiv Décisioun, dass mer dat aktiivt mat deem passive Wahlrecht oder dat passiivt mat deem aktiven duerch dës Ännerung vun der Constitutioun haut gläichstellen, fir dass déi Jugendlech am Alter vun der Volljähregkeet do kënne komplett mat dru participéieren.

En aneren Artikel ass dee vun de Kantonen, deen elo hei méi prezis an der Constitutioun opgefouert gëtt a wou selbstverständlech dann och ëmmer d'Diskussioun opkënnt iwwert d'Wahlbezierker. Eis gréng Kolleege mengen et misst een ee Wahlbezierk fir dat ganzt Land maachen.

Mir ënnerstëtzen déi Propositioun selbstverständlech net, well dat géif zur Konsequenz féieren, dass déi ländlech Deeler aus dem Land herno keng Deputéierte méi hätten, mä dass da praktesch nëmme méi Leit hei an der Chamber géife sëtzen, déi an dem Stater Gemengerot sinn - de Stater Gemengerot ass haut schonn net schlecht an der Chamber vertratt -, vläicht géif och nach déi eng oder déi aner Perséinlechkeet vun Esch kommen, mä déi kleng Gemengen aus dem Land dierften et doudsécher a Regioune wéi dem Norden oder dem Oste schwéier kréien, well mer nëmme méi eng Wahlsektioun hätte fir Leit vun do an d'Chamber eran ze kréien.

Genausou falsch wier et awer och fir hinzegoe an aus deene véier Bezierker der méi ze maachen. Dat géif nämlech zum Nodeel vun deene klenge Parteie goen, well mer wësse jo dass duerch d'Opdeelung vun de Reschtmandater am Fong déi kleng Parteie benodeelegt sinn. Duerch déi véier Wahlbezierker, déi mer schonn hunn, sinn déi méi kleng Parteien, déi zwar och lues a lues grouss ginn, awer vis-à-vis vun deene gréissere Parteien, déi lues a lues méi kleng ginn, benodeelegt.

Am Fong wier déi richteg Léisung déi, dass ee géif higoen an d'Vollmandater iwwert déi véier Bezierker verdeele géif an et géif een d'Reschtstëmme vun deene véier Bezierker zesummeschloe fir déi lescht Mandater ze verginn. Dann hätt een dem Wielerwëllen, wat d'Opdeelung tëschent de Parteien ubelaangt, richteg entsprach. Mä och dat däerft sécherlech hei am Parlament keng Majoritéit bréngen, esou dass mer wäerte beim Status quo bleiwen esou wéi dat ass, an ech géif och mengen dass dat ob jidde Fall besser wär wéi d'Land an ee grousse Wahlbezirk opzehuelen.

Dat gesot Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech nach eng Kéier merci soen dem Rapporteur an d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun fir d'Ännerung vun dësen zwee Artikele vun eiser Constitutioun bréngen.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Ech kréie gesot, et géif elo schwéier gi fir mech. Ech weess dat zwar net, ech mengen, ech hätt gutt Argumenter.

Här President, d'Diskussioune ronderëm d'Verfassungsreform vun haut ginn eis schonn e klenge Virgeschmaach op dat wat eis muer bei der Reform vum Wahlgesetz wäert erwaarden. Dass déi Gréng sech vill méi eng fundamental Auseinandersetzung mat eisem Wahlsystem erwaart hätten, dat wäert lech muer mäi Kolleeg Camille Gira an och meng Wéinegkeet duerleeën.

Och dës Verfassungsännerungen, Här President, sinn awer de Bewäis vun enger wéineg courageierter Approche, well och hei hätte mer vill méi Handlungsspillraum gehat.

Ech explizéiere mech. Ech gi fir d'éischt op den Artikel 51-6 an, wou et jo ëm d'Opdeelung vum Land a véier Circonscriptioune geet. Déi Gréng haten do ganz kloer Positioun bezunn an hirem Pabeier, 30 Schrëtt fir méi Matbestëmmung, dee mer scho virun zwee Joer erausginn hunn. Mir hu gemengt, et soll een ee grousse Wahlbezierk zu Lëtzebuerg maachen a mat där Opdeelung a véier ophalen. Dat wär éischtens méi gerecht, well déi aktuell Opdeelung och eng Diskrepanz schaaft tëschent de Stëmmundeeler vun de Parteien an der Sëtzverdeelung, an ausserdeem si verschidde Wahlbezierker par rapport zu aneren iwwerrepresentéiert. Jee nodeem a wéi engem Bezierk ee wunnt, ass engem seng Stëmm méi oder manner wäert.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Zweetens wär dat och de soziologesche Gegebenheete méi ugepasst. Et sinn eng Rei vun Etüden, zum Beispill déi vum Centre Lippmann, déi drop hiweisen dass déi Opdeelung, déi gemaach ginn ass deemools a véier Bezierker, no Kritärë geschitt ass vu Rapporten tëschent ländlecher a städtescher Bevölkerung, déi et haut esou net méi gëtt, dass den Elektorat changéiert huet an och méi homogène ginn ass, an dass an eisem Zäitalter esou kleng Wahlbezierker ëmmer manner Sënn maachen. An ech wéilt och agoen op dat wat den Här Gibéryen elo grad gesot huet, et gëtt nämlech eng Ëmfro vun der ILReS aus där ervirgeet, dass grad déi Leit an deene klenge Wahlbezierker verstäerkt fir en eenzege Wahlbezierk antrieden. Et huet eventuell mat der Qualitéit vun de Leit ze dinn, déi an deene verschiddene Bezierker untrieden, mä ech mengen, et huet awer och nach aner méi fundamental Grënn, dass nämlech d'Leit sech hei am Land als e Ganzt verstinn, an dass se déi Opdeelung do an déi Trennung tëschent de Bezierker an och déi Trennung, déi gemaach gëtt wann et drëms geet kënne Leit ze wielen, net méi kënnen novollzéien.

***(Interruptions diverses)***

Här Scheuer, ech géif mech hidden esou eppes ze denken.

Här President, och d'Iddi vun engem fënneften neie Wahlbezierk kënne mir net matdroen. Dat géif déi Zerstéckelung just nach weider dreiwen, an iwwer kuerz oder laang géifen och hei erëm nei Diskrepanzen optrieden. Mir haten dofir proposéiert een eenzege Wahlbezierk anzeféieren, flankéiert awer vun enger Wahlhürd vun 3%, fir eng minimal Representativitéit vun de Parteien an der Chamber ze garantéieren, an doniewent hate mer awer och proposéiert, fir deem Argument, dass dann déi eenzel Géigenden, an dat ass jo elo grad schonn hei ugeklongen, vum Land dann net méi esou an der Chamber vläicht vertruede wären, entgéint ze trieden, et soll een och eng Reform vum Statsrot maachen an deen zu enger zweeter Chamber reforméieren, woumat een dann duerch e spezifesche Wahlsystem eng Vertriedung vun de Regiounen erëm hätt kéinten erreechen, zum Beispill wann ee gesot hätt d'Gemengeréit géifen d'Membere vun esou engem Senat, wéi een e vläicht da kéint nennen, wielen.

Leider, Här President, an dorop wäert mäi Kolleeg Camille Gira muer nach méi am Detail agoen, huet ausser eis keng eenzeg Partei et fir néideg fonnt, sech mat der Noutwendegkeet vun esou méi fundamentalen Ännerunge vum Wahlsystem seriö ausenaner ze setzen.

Här President, da kéim ech zum zweeten Artikel dee mer haut an der Verfassung änneren, nämlech den Artikel 52-3. Hei geet et fir d'Majoritéit vun der Kommissioun zumindest ëm de Wahlalter. Ech mengen, dass et och nach e puer aner Punkte gëtt, iwwert déi een hätt kéinten diskutéieren. Dorop kommen ech herno zréck.

Mir sinn natierlech der Meenung als Gréng, dass dat hei e Schrëtt an déi richteg Richtung ass fir de Wahlalter erofzesetzen, mä mir wären awer gären nach e Schrëtt méi wäit gaangen. Eiser Meenung no hätt een de Mindestalter beim aktive Wahlrecht och nach kéinten erofsetzen. Mir hu proposéiert op 16 Joer, fir déi Jonk méi fréi fir d'Politk ze interesséieren a fir se un der politescher Diskussioun deelhuelen ze loossen.

Et ginn awer och - an do kommen ech dann zu deenen aneren Aspekter - nach aner Elementer, déi vum Artikel 52 tangéiert sinn. Dat ass éischtens d'Wahlrecht fir déi auslännesch Leit. Et gëtt jo ganz kloer hei gesot, dass ee muss Lëtzebuerger si fir kënne wielen ze goen. Den Alinéa 2 ass awer bei där virleiender Revisiounspropositioun net geännert ginn. Mir sinn der Meenung, dass een duerchaus hätt kéinten iwwert dës Agrenzung vum Wahlrecht op d'Lëtzebuerger, esou wéi se haut besteet, nodenken, a mir hunn och an eisem Pabeier deemools gemengt, dass et am Sënn vun enger besserer Integratioun gewiescht wär, wa mer d'auslännesch Bevölkerung net nëmmen um kommunalen an um europäeschen Niveau géifen deelhuele loossen, mä och um nationalen Entscheedungsprozess.

Emol ofgesi vun der Tatsaach, dass et och eng fundamental Ongerechtegkeet ass a géint d'Iddi vun der Universalitéit vum Wahlrecht - den Här Meyers huet virdrun dat schéint Zitat vum Här Delpéré bruecht, do kléngt dat jo am Fong och schonn e bësse mat un -, géife mir hei awer och een Deel vun der Bevölkerung d'office vum Wahlrecht ausschléissen. An dass mer mat eiser Meenung net eleng do sti beweist och d'Tatsaach, dass den Här Statsminister Juncker schonn op verschiddene Plaze gemengt huet, grad am Kader vun der Entwécklung vun eisem Land a Richtung vun enger méi héijer Awunnerzuel an enger verstäerkter Immigratioun, misst ee sech d'Fro stellen - kéim een och net méi derlaanscht fir déi Fro op der Säit ze loossen -, wéi et da mat eisem nationale Wahlrecht gestallt wär, ob mer do net awer och misste Reforme maachen.

Här President, da kéim ech nach zu engem zweete Punkt iwwert dee mer och an der Kommissioun e bëssen diskutéiert hunn, mä wou mer finalement keng Ännerung gemaach hunn. Dat sinn d'Droits civils et politiques. Déi stinn och an dësem Artikel, mä, wéi gesot, et ass keng Textännerung proposéiert ginn. Mir haten awer Diskussioune ronderëm d'Fro, ob de Verloscht vum Wahlrecht, och am Zesummenhank mam Artikel 53, deen duerno kënnt an deen déi Fäll preziséiert wou een net däerf wiele goen oder gewielt ginn, nach zäitgeméiss wär.

Et ass och haut am 21. Jorhonnert nach esou, dass e Condamnéierte vun enger Condamnation criminelle säi Wahlrecht nom Ofsëtze vu senger Prisongsstrof net automatesch zréck kritt, mä e muss dann eng Demande en grâce maachen. Niewent der Fro, ob een net automatesch misst no senger Strof dat Wahlrecht erëm kréien, kéint een awer och déi méi fundamental Fro opwerfen, ob et haut nach Sënn mécht, niewent enger Strof wéi Fräiheetsentzuch, och nach d'Ewechhuele vum Wahlrecht ze setzen, woubäi dann och dee klenge Widdersproch an Erscheinung trëtt, dass dat jo net a Reaktioun op e Wahlrecht geschitt, mä op eng Wahlflicht, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, zu där all Biergerin a Bierger an dësem Land verdonnert gëtt, och wa se sech näischt zu Scholde komme gelooss hunn.

Zumindest wat dat aktiivt Wahlrecht betrëfft hätt ee sech kéinte virstellen, dass seng Ausübung och vläicht während enger Condamnatioun géif de Lien zur Gesellschaft dobaussen halen an eng spéider Resozialiséierung méi einfach maachen.

Dat also zu deem wat d'Commission des Institutions ausgeklamert huet. Wat elo déi proposéiert Textännerunge betrëfft, esou si mir zwar net dogéint, mä mir stelle fest dass déi éischt eigentlech d'Festhalung um Status quo bedeit an dass déi zweet eis net wäit genuch geet, an dofir, Här President, wäerte mer eis beim Vote enthalen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Innenminister Michel Wolter.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech stelle fest, dass eng grouss net grad Unanimitéit, mä eng dach awer bal Unanimitéit, besteet, fir mat den Ännerungen oder Précisioune wéi se hei virgesi sinn d'Accord ze sinn. Ech wéilt och dem Rapporteur merci soe fir déi Aarbecht déi en hei gemaach huet a wëllt mech op e puer Reflexioune limitéieren, déi engem am Kader vun deenen zwee Artikelen opfalen.

Zum Artikel 5.1, Paragraph 6, deen elo d'Kantonen explizit an d'Constitutioun erasetzt a soss näischt ass wéi Weiderschreiwung a preziséierter Form vun deem wat mer elo hunn, tentéieren ech, wat déi laangfristeg Approche ubelaangt vum Découpage administratif hei zu Lëtzebuerg, éischter an d'Richtung vun deem ze goe wat den honorabelen Deputéierte Bodry de Mëtten hei gesot huet.

Mir wäerten an deenen nächste Wochen iwwert den definitive Programme directeur vum Aménagement du territoire diskutéieren, dee sechs Regioune fir eist Land an Zukunft virgesäit. Dat gëtt een neien Découpage, dee sech bei anerer dobäi fügt.

Ech weess, dass dat heiten Diskussioune sinn déi een net vun engem Dag op deen aneren zu Enn féiere kann. Et gëtt e changéiert Ëmfeld, wat sech doduerch wäert charakteriséieren, dass ëmmer méi d'Gemengen a Regioune wäerten zesumme schaffen, a mer iwwer kuerz oder laang net laanscht eng Diskussioun wäerte kommen, wéi mer deen Découpage par rapport zu aneren Découpagë gesinn. Ech denken do un de judiciairen, un de politeschen, un den administrativen Découpage. Dat ass vläicht nach net fir haut oder fir muer, mä ech sinn ähnlech wéi den Här Bodry fest dovun iwwerzeegt, dass mer a fënnef oder zéng Joer déi Diskussioun aneschters wäerte féiere wann d'Regioun als eng Entitéit méi an de Käpp vun de Leit ass, de Kanton en fin de compte just nach fir dat heite gebraucht gëtt a bei der Andeelung vu gewëssene Statsservicer, och nach bei de Pompjeeën als eng fest Gréisst besteet, mä lues a lues duerch d'Regioun wäert ersat ginn a sech fréi oder spéit d'Fro wäert stellen, wéi et da mat de Wahlbezierker wäert sinn.

Ob een dann nécessairement zu enger Konklusioun kënnt, dass ee sechs Wahlbezierker mécht oder ähnlech wéi dat d'ailleurs och jo schonn op Kantonsniveau de Fall war, dass gewësse Kantoner zesummegeschloe gi sinn deemools fir ee Wahlbezierk auszemaachen, dat mussen dann déi mateneen ausmaachen déi dann d'Diskussioun wäerte féieren an d'Décisioun treffen. Ech mengen dass déi Traditioun, mat där mer eis elo laang zefridde ginn hunn, fir ze soen, et ass irgendwann eng Kéier esou décidéiert ginn, also loosse mer näischt drun änneren, dass dat ëmmer manner am Fong der geliefter Realitéit um Terrain Rechnung dréit an dass mer iwwer laang Zäit net derlaanscht wäerte komme fir do déi noutwendeg Adaptatioune virzehuelen.

Wat den Artikel 52, Alinéa 3 ubelaangt, déi 18 Joer, déi elo festgeluecht gi sinn, souwuel fir dat aktiivt wéi fir dat passiivt Wahlrecht an déi méiglech Divergenz am Text, déi kënnt einfach dohier, dass mer am Wahlgesetz, esou wéi et den Här Gibéryen gesot huet, Referenz maachen op d'Wielerlëschten an dass et also wichteg ass am Wahlgesetz, well dat jo eng Exceptioun zur Wielerlëscht dee Moment gëtt, festzehalen, wann am Laf vum Joer gewielt gëtt, dass dat le jour de l'élection ass. Praktesch stellen ech mer vir, dass d'Wielerlëscht an Zukunft wäert esou opgesat ginn, dass déi Leit, déi 18 Joer accompli hu wann d'Joer ugeet, op der Lëscht sinn, a wann da Wahlen an där Gemeng oder an der Chamber am Laf vum Joer stattfannen, dass op deem Stéchdatum déi Jonk, déi bis zu deem Dag am Joer 18 Joer kritt hunn, dann nach bäigeschriwwe wäerte ginn.

Den Här Bodry huet nach eng Fro gestallt iwwert déi aner Wahlen, d'Sozialwahlen a weiderer. De Minister Biltgen, dee beschäftegt sech och mat där Fro. E wäert an deenen nächste Wochen e Projet de loi op den Instanzewee bréngen, deen och d'Texter bei de Sozialwahle wäert adaptéieren. Hien huet mer gesot, hien hätt drop gewaart dass d'Chamber déi Proposition de révision vun der Constitutioun géif unhuelen, fir duerno den Dépôt vun de konsequenten Ännerungen ze maachen.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zu der Lecture an zum Vote. Ech erënneren drun, dass beim Vote vun enger Proposition de révision eng Presenz vun 3/4 vun den Deputéierten an eng Majoritéit vun 2/3 vun de Stëmmen no den Dispositioune vum Artikel 114 néideg sinn.

Une voix.- Ech fäerte mir erreechen dee Quorum net.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, et ass awer eng gelunge Method fir eng Kommissiounssitzung während enger Plénière ofzehalen!

M. le Président.- Mir kënnen awer d'Lecture vun den Artikele maachen.

***Lecture du texte de la proposition de révision (par M. Jean Spautz)***

Den neien Artikel 51, Paragraph (6) vun der Constitutioun an den neien Artikel 52, Alinéa 3 vun der Constitutioun si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote. Et si 47 Deputéierte present.

***Vote sur l'ensemble de la proposition de révision de l'article 51, paragraphe (6) de la Constitution et de l'article 52, alinéa 3 de la Constitution et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Proposition de révision ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, MM. Laurent Mosar, Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Georges Wohlfart), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 4967. Et si schonn ageschriwwen: d'Madame Delvaux, déi Häre Rippinger, Greisen an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf.

## 10. 4967 - Projet de loi portant approbation

- de la Constitution de l'Union internationale des télécommunications et de son annexe ainsi de la Convention de l'Union internationale des télécommunications à Kyoto, le 14 octobre 1994 et à Minneapolis, le 6 novembre 1998;

- des résolutions, décisions et recommandations faisant partie des Actes finals de la Conférence de plénipotentiaires additionnelle de l'Union internationale des télécommunications (Genève 1992) et des Conférences de plénipotentiaires de l'Union internationale des télécommunications de Kyoto (1994) et de Minneapolis (1998)

***Rapport de la Commission des Media et des Communications***

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum Projet de loi 4967, deen déi lescht Hürd vun eisem Légiféréierungsapparat hëlt. Dat Dokument, wat ech Iech hei weisen, huet 286 Säiten. Et ass also eppes Grousses an et geet am Fong geholl drëm, fir d'Constitutioun vun der UIT (Union internationale des télécommunications) an d'Conventioun vun der UIT vu Genf vun 1992, vu Kyoto vun 1994 a vu Minneapolis vun 1998 an eis Gesetzgebung ëmzesetzen.

Dëse Projet de loi gouf vun der Ausseministesch déposéiert de 6. Juni 2002 mat Texter, mat engem Exposé des motifs, mat engem Commentaire a mat Amendementen. De Rapporteur war meng Persoun. De 16. Januar 2003 hu mer eng Analys gemaach vun dësem Projet de loi an den Avis vum Statsrot gekuckt.

Déi 15. Konferenz plénipotentiaire - esou gëtt dat genannt - ass den höchsten Organ vun der UIT. Si war zu Minneapolis vum 12. Oktober bis de 6. November 1998. Et ware 1.606 Leit, déi sech doru bedeelegt hunn aus 170 Länner, fir Iech ze weise wéi grouss deen Apparat ass. Déi Décisiounen, déi geholl gi sinn, kéint een op véier Stéck resüméieren.

Éischtens ass e Strategieplang festgeluecht ginn, fir de Budget iwwer véier Joer ze maachen. Zweetens ass eng nei Aarbechtsmethodik festgeluecht gi fir de Fonctionnement ze verbesseren. Doduerch soll eng besser Bedeelegung vun de Membere vum Privatsecteur un den Aarbechte vun der Union internationale des télécommunications festgeluecht ginn, an d'Kompetenze vun der UIT sollten ausgebaut ginn op Systemsatelliten, déi net op géostationnairen Orbite leien.

Politesch, strategesch an administrativ Décisioune waren déi, dass nei Dirigenten an d'UIT genannt gi sinn. Et sinn nei Gremie geschaaft ginn, ënner anerem e Comité de réglementation fir d'Radiokommunikatiounen, wou dann och d'Membere vun 9 op 12 erop gesat gi sinn. Et ass d'Aféiere vun engem konsultative Gremium am Beräich vun der Entwécklung a vun der Normalisatioun, deen nei Aufgaben an nei Rolle soll iwwerhuele fir d'Aarbechte besser ze organiséieren. En neie Statut ass och definéiert gi vun deenen eenzelne Leit. Esou ass de Statut vum Associé festgeluecht ginn, fir nei Forme vun Zesummenaarbecht ze erméiglechen. Dëse kann am Fong geholl net un den Décisiounsprozeduren deelhuelen, laut Artikel 20, mä trotzdeem kommen heiduerch de Privatsecteur an den öffentleche Secteur méi no zesummen.

Eng Kommissioun sollt d'ailleurs analyséieren, ob déi finanziell Bedeelegunge vun deenen eenzelne Partner, dat heescht vun de Memberstaten an de Betriber, sollten an deem Verhältnis bleiwe wéi bis elo, dat ass eent zu fënnef. Am Fong geholl muss ee wëssen an och festhalen, dass an dësem Beräich ëmmer méi Privatopérateuren am Telekommunikatiounsberäich present sinn. D'UIT soll laut dësen Objektiver zu engem internationale Konvergenzpunkt ginn an der Wirtschaft an doriwwer eraus an der Informatiounsgesellschaft op eiser Welt.

Och am Kader vun den IP-Protokoller, Protokoller am Beräich vum Internet, solle Recommandatiounen ausgeschafft an d'Koordinéierung besser gi wat d'Aktivitéiten ugeet mat dem Organe mondial vun der Propriété intellectuelle. Des Weideren ass festgehale gi fir Forumen, Ausstellungen an esou weider ëmmer nach ofzehalen an auszebauen, an zwee Weltsommeten ze organiséieren, wou deen éischten elo dëst Joer zu Genève usteet an deen aneren d'nächst Joer oder am Joer 2005 an Tunesien.

D'Regionalbüroe sollen ausgebaut ginn, besonnesch an den Entwécklungslänner, well do e Bedarf ass, an et ass e Règlement intérieur festgeluecht gi fir am Fong geholl och juristesch hei en Instrument ze kréien dat méi transparent ass a fir méi Flexibilitéit ze kréien an deenen dräi Secteuren, wou den UIT aktiv ass: am Beräich vun den Aarbechtsprozeduren, an zwar an der Radiokommunikatioun, an der Normalisatioun an an der Entwécklung.

Am Finanzberäich sinn och Décisioune geholl ginn. Ech hat et scho gesot. De Budget ass véier Joer laang festgeluecht ginn an de Käschtendeckungsprinzip soll festgeluecht ginn, besonnesch wann Dossieren déposéiert gi fir eng Konsolidéierung am Finanzberäich ze kréien. Da soll am Fong geholl nach gekuckt gi fir fir déi Satelliten, déi net op enger géostationnairer Bunn leien, eng kloer Regel dran ze kréien, well dës e ganz grousse finanziellen Impakt représentéieren. Si si rare par essence an dofir ass och e Groupe de travail kreéiert ginn, deen déi Käschte soll ausrechnen.

Dee wichtegste Punkt ass deen, dass eng Diligence due festgeluecht ginn ass. Dat ass zu Minneapolis agefouert ginn an dat geet schonn zréck op d'Weltkonferenz vun 1997 vun de Radiokommunikatiounen, déi ebe soll évitéieren, dass fiktiv Satelliten entstinn, sou genannte Pabeiersatelliten, well et ebe kann interessant si verschidde Frequenzen ze beleeën oder ze reservéieren a well nëmme limitéiert Kapassitéiten do sinn. Dofir muss de Fabrikant vum Satellit matgedeelt ginn, den Numm vum Exploitant vum Satellit an am Kontrakt muss den Datum stoe wéini de Satellit opgeschoss soll ginn.

Déiselwecht Diligence due hätt een och kënnen am finanzielle Beräich maachen. Dat ass awer net zréckbehale ginn, well am Fong geholl keng Erfahrungswäerter do wieren. Dat hätt geheescht, da wäre Kautiounen agefouert gi pro Satellit a jährlech Taxen. D'Amendementen am Detail géif ech Iech bieden eng Kéier am Projet de loi respektiv am schréftleche Rapport nozeliesen.

D'Positioun vun de Lëtzebuerger soen ech Iech nach kuerz a fënnef Punkten.

Am Fong geholl ass d'Ënnerschréft jo scho gemaach ginn de 6. November 1998. Lëtzebuerg huet éischtens an der Reserv 63 festgehalen, dass d'Dispositiounen eréischt applicabel gi wa se dem Traité vun der EU entspriechen.

Zweetens hu se déiselwecht Reserven zu Minneapolis ausgeschwat, déi se och schonn zu Kyoto ausgeschwat haten.

Drëttens hu se d'Souveränsrechter, déi déi Länner, déi um Äquator leien, kréie wollten, ofgewisen, ebe grad wat déi géostationnaire Satellite betrëfft. Dat steet och am Finalakt vu Minneapolis.

Véiertens ass bei der Deklaratioun 91, wou d'USA de Käschtendeckungsprinzip fir d'Telekommunikatiounssatellitten entzéie wollten, och eng Konterreserv vu Lëtzebuerg formuléiert ginn.

Fënneftens, dee wichtegste Punkt, ass d'Deklaratioun 33, wou déi arabesch State Systemsatelliten, déi kommerziell bedriwwe ginn, zoumaache wollte fir verschidde radioelektresch Frequenze respektiv orbital Positiounen. Och hei huet Lëtzebuerg eng Konterreserv gemaach, d'Nummer 113, esou dass keen Ënnerscheed gemaach gëtt zwësche kommerziellen an öffentleche Bedreiwer. Dëst wier besonnesch schiedlech gewiescht fir déi Satellitebedreiwer hei am Land.

*«La liste indique les nom, prénoms, sexe, profession, domicile et nationalité des candidats ainsi que des électeurs ou du conseiller communal, sortant ou en fonction qui les présentent.»*

*34)* ***Art. 229.-***

*Le 2e alinéa de l'article 229 actuel est biffé.*

*35)* ***Art. 236.-***

*L'alinéa 3 de l'article 236 actuel est modifié comme suit:*

*«Le relevé des personnes élues à adresser au commissaire de district doit indiquer le nom, les prénoms, le sexe, l'adresse, la nationalité, la profession exacte et, le cas échéant, le degré de parenté entre plusieurs personnes élues.»*

*36)* ***Art. 236.-***

*L'alinéa 5 de l'article 236 actuel est modifié comme suit:*

*«Cette affiche reproduit, sur une même feuille et en gros caractères, les nom, prénoms, sexe, profession, nationalité et domicile des candidats de toutes les listes enregistrées. Pour chaque liste, l'ordre de présentation des candidats y est maintenu.»*

*37)* ***Art. 237.-***

*Le premier alinéa de l'article 237 actuel est modifié comme suit:*

*«Le président du bureau principal formule incontinent les bulletins de vote qui sont imprimés sur papier électoral, conformément au modèle annexé à la présente loi, et agencé comme l'affiche, mais de dimensions moindres; ils reproduisent les numéros d'ordre et les dénominations des listes ainsi que les nom, prénoms et le sexe des candidats et indique le nombre des conseillers à élire.»*

*38)* ***Art. 247.-***

*L'article 247 actuel est abrogé.*

*39)* ***Art. 254.-***

*Ajouter après le 2e alinéa de l'article 254 actuel:*

*«Cependant, aussi longtemps que la parité entre femmes et hommes n'est pas atteinte, la préférence est accordée à une personne du sexe sous-représenté.»*

*40)* ***Art. 260.-***

*La 2e phrase du premier alinéa de l'article 260 actuel est modifiée comme suit:*

*«Ce relevé doit contenir le nom, les prénoms, le sexe, l'adresse, la nationalité, la profession exacte et, le cas échéant, le degré de parenté entre plusieurs élus.»*

*41)* ***Art. 287.-***

*Le paragraphe (1) de l'article 287 actuel est modifié comme suit:*

*«(1) Sans préjudice des dispositions de l'article 54 de la Constitution, le mandat de membre du Parlement européen est incompatible avec le mandat de député, avec le mandat de bourgmestre, avec la qualité de fonctionnaire, …»*

*42) **Art. 291.-***

*Insérer un nouvel alinéa trois à l'article 291 actuel:*

*«Sur une même liste, la différence entre le nombre de candidatures féminines et masculines ne peut être supérieure à une unité. Sur chaque liste composée de plus d'une candidature les candidatures féminines et masculines sont présentées en alternance.»*

*43) **Art. 291.-***

*Modifier la première phrase du 3e alinéa actuel comme suit:*

*«La liste comprend les nom, prénoms, sexe, date et lieu de naissance, nationalité, profession et domicile des candidats.»*

*44) **Art. 291.-***

*Biffer la deuxième phrase du 5e alinéa actuel.*

*45) **Art. 296.-***

*Le premier alinéa de l'article 296 actuel est modifié comme suit:*

*«Le président du bureau principal de la circonscription formule incontinent le bulletin de vote qui, agencé comme l'affiche, mais de dimensions moindres, reproduit les numéros d'ordre et la dénomination des listes ainsi que les nom, prénoms et le sexe des candidats et indique le nombre des mandats à conférer.»*

*46) **Art. 306.-***

*L'article 306 actuel est abrogé.*

*47) **Art. 320.-***

*Ajouter à l'article 320 actuel un nouveau 3e alinéa:*

*«Cependant, aussi longtemps que la parité entre femmes et hommes n'est pas atteinte, la préférence est accordée à une personne du sexe sous-représenté.»*

*(s.) Camille Gira, François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss, Renée Wagener.*

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4885 iwwert d'Wahlgesetz. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Klein, Graas, Jaerling, Gira, Urbany an d'Mme Wagener.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marco Schank.

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures***

M. Marco Schank *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 13. Dezember 2001 huet den Innenminister de Projet de loi 4885 fir eng Reform vum Wahlgesetz vum 31. Juli 1924 - dat ass jo schonn eng Zäitchen hier - déposéiert. Am Juli d'lescht Joer ass d'Gesetz vum Statsrot aviséiert ginn an an enger Partie Avisen huet d'Kommissioun de 14. Januar dëst Joer nach eng Rei Amendementer un de Conseil d'Etat weidergeleet.

D'Wahlgesetz ass natierlech am Laf vun der Zäit och ëmgeännert ginn, zum Beispill de 25. Februar 1979. Dat war deemools am Kontext mat der Direktwahl vun de Représentantë fir d'Europaparlament. An nach eng Kéier, de 7. Januar 1999, ass et op dëser Plaz ëmgeännert ginn am Zesummenhank mat dem deelweis Zréckerstatte vun de Wahlkampfkäschte fir d'Parteien an d'Groupements politiques am Kader vu Chamber- an Europawahlen. Genau dëst ass ee vun de Grënn och firwat et sënnvoll war fir déi verschidden Texter, déi de Moment a Kraaft sinn, an engem eenzegen Text homogen zesummenzefaassen.

Un éischter Stell wollt ech awer all menge Kolleegen a Kolleeginnen aus der Chamberkommissioun merci soen, déi an net manner wéi 12 Sëtzunge mat mir zesummen deen neie Projet de loi fir d'Ëmännerung vum Wahlgesetz analyséiert hunn. Ech mengen, datt et och insgesamt e ganz konstruktiven Exercice war.

Am Ufank vum Rapport stellt d'Kommissioun fest, datt d'Wahlgesetz eent vun deene wichtegste Gesetzer an eiser Demokratie duerstellt, dat e wichtege Garant vun eiser Demokratie duerstellt, respektiv och eng vun de Saile vun eisem institutionelle System.

Wichteg ass ze soen, datt den Innenminister, ier de Projet de loi iwwerhaapt formuléiert gouf, all d'Parteien aus der Chamber consultéiert huet, fir se ëm hir Meenung ze froen, fir datt am Endeffekt dat neit Wahlgesetz op e méiglechst breede Konsens soll gestallt ginn, e Konsens vun allen demokratesche Kräften hei am Land. Dat heescht, datt d'Parteien dee Moment, also virum Dépôt a virun der Formuléierung vum Gesetz 2000/2001, d'Zäit an d'Méiglechkeet haten an hire Parteigremien déi wichtegst Sujete vun der Législation électorale ze debattéieren.

Den Text dréit ëm véier Axen.

Éischtens déi allgemeng gülteg Dispositiounen, déi fir déi dräi Wahlen, Gemengen- Chamber- an Europawahlen, gülteg sinn. Zweetens déi Artikelen, déi mat de Legislativwahlen ze dinn hunn. Drëttens déi Dispositiounen, déi mat de Gemengewahlen zesummenhänken, a véiertens déi déi mat de Wahle fir d'Europaparlament ze dinn hunn.

Um Enn vun den Aarbechten, dat war ufanks Dezember 2002, huet d'Kommissioun nach e Questionnaire ausgeschafft op enger Rei vu Punkten, op deene keen Accord fonnt gi war, respektiv wou mer gemengt hunn, et sollt een op deene Punkten d'Chambersfraktioune consultéieren. Dat war ënner anerem d'Onvereinbarkeet vum Mandat vum Europadeputéierten an den nationalen Deputéierten, et war awer och d'Eropsetze vun de Mindeststëmme bei der Virstellung vun de Lëschten, oder och nach den Tirage au sort. D'Fraktiounen hunn entspriechend drop geäntwert. Ech kommen nach op déi Punkten do zréck.

Här President, ech géif dann am Ufank vu mengem Rapport op déi wichtegst Ännerungen an dësem Gesetz agoen. Fänke mer u mat der Altersgrenz beim passive Wahlrecht fir d'Wahlen alleguer, also Landes- Gemengen- an Europawahlen. Dës Altersgrenz gëtt vun 21 op 18 Joer erofgesat. Dësen Alter entsprécht also an Zukunft genee der Altersgrenz vum aktive Wahlrecht.

Dir wësst, datt mer gëschter genau an deem Punkt do den Artikel 52 vun eiser Verfassung reviséiert hunn. Dat war och eng Bedingung vum Statsrot. Dat heescht, am Avis vum Statsrot am Juli 2002 war dat déi eenzeg Opposition formelle an deem Kontext, an där hu mer dann och gëschter Rechnung gedroen.

Eng weider Ännerung ass déi, datt d'Wahlflicht vu 70 op 75 Joer eropgesat gëtt. Dat wichtegst Argument heifir ass, datt d'Liewenserwaardung vun de Leit jo an deene leschte Jorzéngten eropgaangen ass. Och de Statsrot huet sech deem Argument ugeschloss, dat heescht, d'Leit gi méi al an dofir war d'Kommissioun sech eens fir d'Wahlflicht op 75 Joer eropzesetzen.

D'Regierung huet proposéiert, fir dann och en anere Punkt, déi erfuerderlech Mindeststëmmen, also d'Signatures du soutien, bei der Virstellung vun de Lëschte bei de Landeswahlen, respektiv bei deene Gemengen, déi nom Proporz stëmmen, eropzesetzen. Bei der Opstellung vun de Lëschte fir d'Legislativwahle geet d'Zuel op 100 erop a bei de Gemengen, déi nom Proporzsystem stëmmen, klëmmt déi d'Zuel vu 25 op 50 Stëmmen. Dir wësst, datt bei den Europawahlen déi Signatures de soutien bei 250 Stëmme leien.

Ech wëll dann och drop hiweisen, datt an dësem Punkt de Statsrot anerer Meenung war wéi d'Auteure vum Projet a schlussendlech och eng Majoritéit an der Kommissioun. De Conseil d'Etat huet gemengt, datt déi Barrière héich genuch wier an datt een et klenge Gruppéierungen net sollt ze schwéier maache fir hir Vue minoritaire, wéi de Statsrot seet, oder Meenungen, déi sech vläicht och nëmmen ëm een eenzege Punkt, een eenzege Sujet an enger Lokalitéit oder an enger Gemeng dréinen, deene Gruppéierungen och d'Méiglechkeet ze gi fir sech der lokaler Bevölkerung ze presentéieren.

E wichtege Beitrag fir méi Demokratie sinn dann awer och d'Vereinfachungen am Kontext vun der Bréifwahl. Eng weider Ännerung, also de Vote par correspondance zum Beispill, wann een un déi grouss Zuel vu Lëtzebuerger Studenten am Ausland denkt. Hei gëtt d'Frist fir d'Demande vun 51 op 30 gesenkt. Insgesamt ass awer och manner Pabeierkrich virgesi fir déi Lëtzebuerger, déi am Ausland liewen an effektiv un enger Lëtzebuerger Wahl deelhuele wëllen.

Eng weider wichteg an och ganz sënnvoll Ännerung am Kontext vun enger méi staarker Integratioun vun eisen auslännesche Matbiergerinnen a Matbierger ass déi, datt an Zukunft Net-EU-Auslänner d'aktiivt Wahlrecht bei Gemengewahle kréien. D'Viraussetzung ass hei eng onënnerbrachen Openthaltsdauer vu fënnef Joer zu Lëtzebuerg. Doriwwer eraus gëtt dann och, dat ass ebenfalls nei, d'Openthaltsdauer fir EU-Auslänner, déi aktiv, respektiv passiv u Wahlen deelhuele wëllen, op fënnef Joer erofgesat.

Här President, ech wollt dann op eng Rei ganz relevant Ännerungen hiweisen, déi mat dësem Projet de loi geschéien um Niveau vun eise Gemengen zu Lëtzebuerg. Fir d'éischt ass et esou, datt d'Sektiounen an de Gemengen ofgeschaaft ginn. Ganz dacks ass hei dat Argument ugeféiert ginn, datt d'Sektiounen eigentlech en Überbleibsel sinn aus der Zäit vun de Rechnungssektiounen, wou och all Sektioun seng eege Finanzéierung oder säin eegene Budget hat. En anert Argument, datt d'Gemengerotsmemberen all d'Bierger representéieren an och datt eng Gemeng definitiv eng eenzeg juristesch Entitéit duerstelle géif. Derbäi kënnt, datt ouni Sektiounsgrenzen déi zukünfteg Gemengeréit sech alleguer enger Wahl stelle mussen.

Ofgeschaaft gëtt doriwwer eraus och de Ballottage an de Majorzgemengen, also dee berühmten zweete Wahlsonndeg. An Zukunft ass einfach d'Zuel vun de Stëmmen, déi jidderee kritt, definitiv ausschlaggebend.

D'Kommissioun war der Meenung, an ech mengen och déi allermeeschte Politikerinnen a Politiker am kommunale Beräich, datt mat dëser Mesure e ganze Koup Kaméidi an eisen Dierfer géif évitéiert ginn. De Statsrot seet an dësem Kontext, dass de Wieler um éischte Sonndeg jo ee fir allemol seng Meenung seet, déi hie sech am Laf vun enger Campagne gebilt huet.

Eng weider Ännerung ass déi nei Definéierung vun de Komplementärwahlen. Wann an Zukunft eng Plaz fräi gëtt, da kann de Gemengerot den Innenminister froe fir Wahlen ofzehalen oder och net. Komplementärwahle gi spéitstens dann obligatoresch, wann eng zweete Plaz fräi gëtt an da gëllt dat fir déi zwee Posten.

Eng weider interessant Neierung ass dann och déi - dat war eng Demande aus de Gemengen -, dass déi nei Majoritéiten net méi musse bis den 1. Januar waarde bis se hiert Amt kënnen untrieden, mä et vun deem Moment u kënnen untrieden, wou de Buergermeeschter respektiv d'Schäffen nominéiert oder vereedegt sinn. Dëst huet de Virdeel, dass déi nei Majoritéit d'Méiglechkeet kritt eigentlech direkt dat wichtegst Instrument vu kommunaler Aarbecht auszeschaffen, dat ass de Budget, an dann déi Jalone setze kann, déi déi nei Majoritéit sech eigentlech vu vir era virgeholl huet.

E weidere Punkt ass, dass d'Pattsituatiounen déi entstinn, wann zwee Kandidaten oder Kandidatinnen déiselwecht Stëmmenzuel hunn, esou tranchéiert ginn, dass net méi deen eelste Kandidat eraréckelt, mä dass schlussendlech d'Lous entscheet. Hei hat de Conseil d'Etat eng aner Meenung. Hie war entweder fir d'Bäibehale vun deem aktuelle System, wou den Alter Virrang hat respektiv fir dem Sexe sous-représenté Virrang ze ginn. D'Kommissioun huet awer majoritaire gemengt et soll ee keen objektive Kritär uwenden an den Zoufall hei gewäerde loossen.

Eng lescht Neierung betrëfft d'Grenz vun 3.000 Awunner, déi an Zukunft gëllt, wann eng Gemeng vum Majorz- op de Proporzsystem wiesselt. Souwäit meng Informatioune stëmme sinn et fënnef Gemengen déi, wann dëst Gesetz gestëmmt gëtt, bei den nächste Wahlen am Proporz stëmme ginn: Dippech, Mäertert, Rammerech, Wëntger a Konter.

Duerch dat neit Gesetz falen och d'extra Bestëmmunge fir d'Fusiounsgemenge Jonglënster, d'Stauseegemeng, Rammerech a Wëntger ewech. Rammerech a Wëntger beispillsweis mat bis elo 13 Gemengeréit kommen elo op 11, well se eben 3.000 Awunner hunn an no der leschter Volkszählung deemno déi nächste Kéier och nom Proporz stëmme ginn.

Dann zum Schluss vläicht nach eng vun den Ännerungen déi dozou bäidroe soll, dass d'Prozedur insgesamt vereinfacht gëtt, dat heescht dass déi zweet Wahllëscht, déi beim Distriktscommissaire ausluch, ofgeschaaft gëtt.

Här President, nieft all dësen Neierungen, déi ech hei ernimmt hunn, hu mir awer och an der Kommissioun iwwer eng Rei aner Sujete geschwat, wou schlussendlech vläicht keng Ännerungen, keng Neierungen erauskomm sinn, mä déi awer wichteg Sujete waren, mengen ech, fir vläicht zukünfteg Reformen. Et ass natierlech schonn am Virfeld vum Dépôt vun dësem Gesetz - dat hunn ech scho gesot - vun de Parteien, eben op de Wonsch vum Innenminister an de Parteigremien hin, intensiv iwwert déi Punkten diskutéiert ginn, op déi ech elo nach ze schwätze kommen.

Beispillsweis iwwert de Vote obligatoire. Niewent Lëtzebuerg gëtt et d'Wahlpflicht nach an Dänemark, a Griicheland, an der Türkei, awer och a méi grousse Länner wéi Australien oder Brasilien. D'Kommissioun war an hirer grousser Majoritéit der Meenung fir d'Wahlpflicht bäizebehalen. Si huet sech do un en Avis vum Statsrot ugehong fir ze soen, dass déi obligatoresch Bedeelegung vun de Wielerinnen a Wieler u Wahle manner eng Obligatioun ass, mä éischter d'Ausübe vun enger renger Biergerpflicht vu jiddfer Eenzelnen.

Datselwecht wat fir de Vote obligatoire gëllt, ass och fir d'Panachéiere richteg. Och hei huet d'Kommissioun mat enger grousser Majoritéit fir d'Bäibehale vum Panachage optéiert. Do kënnt een eng Rei Argumenter widderhuelen, déi an der Kommissioun gesot goufen. Et ass ënner anerem - just fir ee Saz ze soen - vun de Befürworter gesot ginn, dass net nëmmen d'Parteie géifen Inhalter vermëttelen, mä eben och Persounen.

Mir hunn och iwwert d'separat Ofhale vun de Legislativwahle respektiv den Europawahlen diskutéiert. Och hei ass eng Majoritéit der Meenung gewiescht, dës Wahle solle weiderhi parallell stattfannen. Et ass awer och gesot ginn, dass eng Valoriséierung kéint stattfannen an Zukunft an dass dat éischter iwwer entspriechend Campagnë géif gemaach ginn.

E weidert Thema war de Congé politique an d'Formation continue vun de Gemengerotsmemberen. Hei bestung däitlech e Konsens an der Kommissioun a puncto Nécessitéit fir de Congé politique ze reforméieren a verstäerkt d'Gemengerotsmemberen ze forméieren am Kader vun enger Formation continue. Déi zwee Sujeten - dat ass ofgemaach ginn an der Kommissioun - sollen detailléiert am Kader vum Débat iwwert d'Kompetenze Stat/Gemengen traitéiert ginn. Mir wäerten no der Fuesvakanz an der Kommissioun - ech soen emol zwee-, dräimol - nach zréckkommen op dee Rapport, deen da virleie wäert. No der Ouschtervakanz wäert dann och dësen Débat an d'Chamber kommen.

Wat méi eng staark Participatioun vun de Fraen un de politeschen Décisiounen ubelaangt, ass an der Kommissioun zum Beispill iwwert d'Méiglechkeet vu Quotéierungen diskutéiert ginn. An deem Kontext huet d'Kommissioun vun der Egalité des chances de 6. November 2002 en Avis zu der Reform vum Wahlgesetz ofginn an un eis weidergeleet. Hei ass ënner anerem un en eestëmmege Vote vun enger Motioun erënnert ginn, déi eng Diskussioun iwwert d'Opdeelung vun de Lëschte mat maximal zwee Drëttel vu Kandidate vum selwechte Sexe virgesinn huet.

Ech erënneren an därselwechter Thematik drun, dass den 9. Dezember 2002 en Hearing an der Chamber stattfonnt huet, dee vun der Egalitéitskommissioun proposéiert gi war, a wou den CRP Gabriel Lippmann, de Conseil national des femmes an och de Grupp LIDIA invitéiert gi waren, fir ebe mat de Memberen aus der Intérieurskommissioun iwwert déi zukünfteg Représentatioun vun de Fraen an der Politik ze diskutéieren.

D'Kommissioun huet an dësem Zesummenhang majoritaire gemengt, dass een eng Quotéierung net soll an d'Gesetz aschreiwen, mä dass een et de Parteie soll iwwerloosse fir esou eng Regelung, wa se dat da wëllen, an hir Statuten anzeschreiwen. Bis ewell, souwäit ech dat iwwerblécken, ginn et zu Lëtzebuerg dräi Parteien, déi dat gemaach hunn.

En anert Thema war beispillsweis de méiglechen Asaz vun dem Vote électronique bei Wahlen. Et gi jo deelweis scho Länner an Europa, déi dat vläicht net insgesamt bei alle Wahlen, mä schonn emol probéiert hunn, respektiv definitiv agefouert hunn. Mir krute gesot dass d'Regierung sech scho Gedanken iwwert dee Sujet gemaach hätt, bis ewell awer nach keen appropriéierte System fonnt hätt deen alle Kritären, besonnesch deem vun der Sécuritéit, géif Rechnung droen.

Kuerz undiskutéiert gouf och eise System vun deene véier Wahlbezierker mat der Fro, ob een net soll iergendwann op de Wee vun enger Circonscription unique goen. D'Kommissioun war an der grousser Majoritéit net dëser Meenung, ënner anerem mat deem Argument - ech zitéieren elo just eent -, datt d'Spezifissitéite vun de Regiounen nach wie vor eng ganz wichteg Roll géife spillen.

Här President, ech wollt dann och nach op deen een oder anere Punkt aus dem Avis vum Conseil d'Etat ze schwätze kommen. Ech hunn dat wuel elo schonn am Kontext mat deene verschiddene Sujete gemaach wou Neierunge sinn, respektiv déi an der Kommissioun diskutéiert goufen, mä et sinn der och nach e puer dovunner lassgeléist vum Conseil d'Etat ugeschwat ginn.

Ech wollt an deem Kontext dem Statsrot merci soe fir seng vill a prompt Aarbecht mat engem ganz detailléierten éischten Avis op net manner wéi 72 Säiten, dat ouni säin eegenen Texte proposé.

An dësem Projet de loi stinn och d'Dispositioune fir déi deelweis Réckerstattung vun de Käschte fir d'Wahlcampagnë vun de Parteien - dat wësst Dir. Bis ewell war dat eng Loi spéciale. Dës Dispositioune sinn elo an d'Wahlgesetz erageholl ginn. Déi Loi spéciale war vum 7. Januar 1999. Ech hunn lech scho virdrun dovu geschwat.

De Statsrot ass eigentlech net mat dëser Virgoensweis d'accord gewiescht an huet gemengt dee ganze Finanzement vun de Wahlcampagnë misst an enger Loi spéciale bleiwen. Virun allem huet de Statsrot insistéiert, dass endlech eng méi allgemeng a méi komplett Definitioun vun de politesche Parteie misst fonnt ginn, fir se op dës Manéier méi fest an eisem institutionelle System ze verankeren.

A sengem Avis vum 9. Juli huet de Statsrot d'Fro opgeworf, wou de Referendum mat entspriechenden Dispositioune seng Plaz kënnt fannen, zum Beispill a puncto Collèges de vote, wéi dann do d'Stëmmen ofgi ginn oder wéi d'Bulletinen ausgezielt ginn. De Statsrot mengt dass et logesch wär, wann déi Dispositioune le moment venu an den Text iwwert d'Wahle géifen integréiert ginn.

D'Kommissioun huet och hei d'Meenung vertrueden, den Ofschloss vun den Aarbechte vun der Verfassungskommissioun ofzewaarden ier et iwwerhaapt an deem Sujet weider geet.

Dann huet de Conseil d'Etat och nach d'Problematik vum Partenariat civil opgeworf. Enk Familljerelatioune spillen an deem engen oder anere Fall am Wahlgesetz eng Roll. Am Mee 2002 gouf de Projet de loi 4946 iwwert d'Effets légaux vu verschiddene Partnerschaften déposéiert. De Conseil d'Etat weist drop hin, dass d'Dispositioune vun dësem Gesetz Retombéeë wäerten hunn op d'Wahlgesetzgebung.

Dann huet de Statsrot nach drop higewisen, dass den Text vum Projet de loi nach wie vor d'Méiglechkeet opléisst, dass ee Kandidat fir d'Europawahle sech och de Chamberwahle stelle kann, en Thema wat jo och nach déi lescht Deeg diskutéiert gouf. Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass dës Problematik am Virfeld vum Dépôt respektiv der Formuléierung vum Projet de loi intensiv vun alle Fraktiounen a Parteien diskutéiert gouf. Jiddefalls war dat a menger Partei de Fall.

D'Fraktioun vun deene Gréngen huet während den Aarbechte vun der Kommissioun eng ganz Partie Amendementer eragereecht, déi am Laf vun eisen Aarbechten diskutéiert, analyséiert an och ofgestëmmt goufen.

Ech wëllt nach drop hiweisen, dass den ursprünglechen Timing fir den Ofschloss vun den Aarbechte vun der Kommissioun net konnt agehale ginn. Dat ass och gëschter schonn op dëser Plaz gesot ginn. Doduerch dass de Projet fir dës Woch programméiert ginn ass, ass, muss ech éierlech soen, eng gewëssen Hetz entstanen, wou ëmmer d'Gefor besteet dass Feeler sech aschläichen, ëmsou méi mir mat engem ganz komplexen an och juristesch schwieregen Text ze dinn hunn.

Virun zwee Deeg huet d'Chamberkommissioun de Rapport ugeholl, nodeem eng Rei Ännerungen nach décidéiert gi waren an där Sëtzung. Vu verschiddene Memberen ass nach eng Kéier op déi Opposition formelle higewise gi vun engem vun den Amendementer - ech mengen, et war Nummer 7 - am Avis complémentaire vum Statsrot, déi d'Kommissioun eigentlech iwwereneestëmmend als Malentendu ugesinn hat. No Récksprooch mam Statsrot ass schlussendlech kloer gewiescht, dass mer hei net laanscht een Amendement kéimen, wat schlussendlech d'Akraafttriede vum Gesetz hypothekéiert hätt.

An enger leschter Sëtzung gëschter huet d'Kommissioun e Rectificatif zum Rapport vum 10. Februar gestëmmt, fir op den alen Text zréck ze kommen. Den Texte initial huet effektiv an deem Punkt virgesinn a gesäit och elo vir, dass d'Membere vum Bureau de vote, also mat de Sekretären, op der Wielerlëscht vun där Gemeng musse stoe wou se siégéieren. Dat ass quant au fond och d'Meenung vum Statsrot gewiescht, deen a sengem Avis d'Beispill vu Frankräich zitéiert huet, wou e seet, Frankräich hätt duerchgehend nach méi kleng Gemenge wéi mir, an do wär dat och eng Obligatioun. D'Kommissioun hat do ursprünglech eng aner Meenung.

Ech wëllt dann zum Schluss mat Nodrock drop hiweisen - dat hu virdrun och Membere vun der Oppositioun gesot -, dass mir an deene ville Sëtzungen d'Gesetz wierklech an allen Detailer an och ganz concencieux beliicht an diskutéiert hunn. Insgesamt kann ee soen, dass mir dëse Projet op eng ganz konstruktiv Manéier an och mam Engagement vun all Member aus der Kommissioun diskutéiert hunn. Ech géif also mengen, dass no deene sëllegen Efforten, besonnesch an deene leschten Deeg, mir net nëmmen e wichtegt Gesetz haut wëlle stëmmen, mä och e gutt Gesetz, wat eng ganz Partie wesentlech a positiv Ännerunge fir d'Wahloperatioune vun deenen nächste Jore brénge wäert.

Zum Schluss, Här President, wollt ech alle Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus der Chamber, dem zoustännege Ministère an och eiser eegener Fraktioun merci soen, dass trotz dem Stress vun deene leschten Deeg an den eventuellen Nuetsschichten eng ganz valabel Aarbecht gemaach konnt ginn, an ech hoffen dofir dass eng breet Majoritéit an dëser Chamber dëst Gesetz stëmme wäert.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur merci fir säi gudde Bericht. Dës Kéier him ee besonnesche Merci, well en hat et net einfach gemaach kritt vu senge Koalitiounskolleegen, besonnesch och net vu sengem Fraktiounschef.

Dat hei ass awer net déi grouss Reform vun eisem Wahlrecht, esou wéi se vum Innenminister ugekënnegt gi war. Et ass éischter eng Ausbesserung vun deem jetzege System. Virausgesot ass eng Rei vun acceptabelen Neierungen. Wa mir Zäit gelooss kritt hätten, hätte mir kënne méi wäit goen an e ganzt fortschrëttlecht Gesetz maachen. D'Regierung huet vun Ufank un op de Konsens gehalen, an zwar schonn am Virfeld ier de Projet de loi definitiv ausgeschafft ginn ass. Eng méi breet Diskussioun konnte mir net féieren, well dat net gewënscht war.

D'Wahlrecht ass e fundamentaalt Biergerrecht. Déi éischt Relatioun, déi de Bierger mam Pouvoir huet, trëtt bei de Wahlen op. Et wär och net oninteressant gewiescht, wann een an dësem Kader och hätt kënnen e wéineg iwwert déi geschichtlech Entwécklung vum Wahlrecht zu Lëtzebuerg schwätzen, iwwert de Passage vum Suffrage restreint, dem Suffrage censitaire, capacitaire bis zum Suffrage universel. Dat war awer aus Zäitgrënn net méiglech, well mir jo ënner Zäitdrock gesat gi sinn, dëst Gesetz misst schnellstméiglechst eraus gequëtscht ginn.

Et sollen dem Bierger duerch dëst Gesetz d'Konditioune fir him zu sengem Recht ze verhëllefen, d'Conditions de jouissance, méi liicht gemaach ginn. D'Bestëmmunge fir et auszeféieren, d'Conditions d'exercice, si méi einfach gemaach ginn.

Dat aktiivt an dat passiivt Wahlrecht hunn hir Racinen an eiser Verfassung. Mam Gesetz vun 1995 hu mir als Konsequenz vun der europäescher Citoyennetéit d'Ouverture gemaach fir d'Bierger aus der Europäescher Unioun ënnert bestëmmte Konditiounen un de Gemengewahlen deelhuelen ze loossen. Mer haten zimlech restriktiv Bedingunge festgeluecht wat d'Résidence vun den Interesséierten ubelaangt, esouwuel fir dat aktiivt wéi fir dat passiivt Wahlrecht.

An dësem Projet de loi ginn op deem Plang Allégementer virgesinn, besonnesch wat d'Durée de résidence ubelaangt. Si ass wesentlech erofgesat ginn.

Ze begréissen ass datt an Zukunft d'Auslänner, déi net aus der Europäescher Unioun kommen, ënnert deene selwechte Konditioune wéi d'EU-Bierger zum aktive Stëmmrecht bei de Gemengewahlen zougelooss ginn. Dat hate mir an de Programm vun de Sozialisten däitlech ageschriwwen.

Et muss dofir gesuergt ginn, datt d'Auslänner dës nei Bestëmmungen, wann d'Gesetz gestëmmt ass, esou séier wéi méiglech zur Kenntnis bruecht kréien. Campagnë sinn op allen Niveauen ubruecht, fir d'Net-Lëtzebuerger ze sensibiliséiere vun hiren neie Rechter Gebrauch ze maachen. Dës nei Rechter solle bei hinnen d'Flicht an d'Verantwortungsbewosstsinn erwächen, fir sech un de kommunale Geschécker ze bedeelegen. Besonnesch un de Gemenge selwer ass et, fir iwwert de Wee vun hiren Auslännerkommissiounen Aktiounen an d'Weeër ze leeden, fir déi auslännesch Matbierger un d'Kommunalpolitik erunzezéien, an dat am generellen Intérêt vun hirer Integratioun. All effikass Aktivitéiten an deem Sënn erliichteren et, datt fir d'Gemengewahlen am Joer 2011 e gréissere Revirement op deem Plang ka geschéien.

Ech hat elo grad gesot, datt d'EU-Bierger am Kader vun der Citoyenneté européenne et erlaabt kritt hu fir mat stëmmen ze goen an och dat aktiivt a passiivt Wahlrecht ze kréie bei de Gemengewahlen, ënnert verschiddene Konditiounen. Lëtzebuerg kritt Dérogatiounen iwwert de Wee vun där betreffender Direktiv. Mir ginn elo hin an dësem Projet de loi a mer huelen och déi net communautaire Bierger mat era fir hinnen d'Wahlrecht ze ginn. Et wär elo ubruecht fir lues a lues déi Konditiounen, déi mir virgeschriwwen haten, ofzebauen. Et ass och kee Grond fir eng Diskriminéierung ze maachen tëschent den Auslänner. Et wär gutt wa se géingen alleguer au même pied d'égalité behandelt ginn.

Dofir géinge mer an enger Motioun hei festhalen an d'Regierung invitéieren, fir au vu vun de Gemengewahle vun 2011 d'Auslänner alleguerten ënnert deene selwechte Konditiounen zu de Gemengewahlen zouzeloossen a fir ab 2011 d'Condition de résidence ofzebauen a fir dann den Droit commun spillen ze loossen.

An deem Sënn, Här President, ginn ech lech eng Motioun of.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*considérant que la loi électorale du 31 juillet 1924 telle qu'elle a été modifiée par la suite, accorde le droit de vote actif et passif sous certaines conditions aux ressortissants communautaires non-luxembourgeois pour les élections communales;*

*considérant que le projet de loi électorale portant modification des lois du 31.10.1977, du 27.7.1978 et du 23.12.1978 prévoit l'octroi du droit de vote actif pour les élections communales aux étrangers non ressortissants de l'Union européenne;*

*considérant que le droit de vote aux citoyens communautaires a été accordé, sous certaines dérogations, dans le cadre de la citoyenneté européenne;*

*considérant qu'il y a lieu d'abolir au fur et à mesure les conditions de résidence des citoyens communautaires et de les mettre sur un pied d'égalité avec les électeurs nationaux;*

*considérant la nécessité d'une meilleure intégration politique de tous les citoyens étrangers, communautaires et extra-communautaires, habitant le territoire luxembourgeois;*

*invite le Gouvernement*

*à accorder le droit de vote actif et passif à tous les étrangers habitant le territoire luxembourgeois en vue des élections communales de 2011;*

*à abolir les conditions de résidence actuellement prévues pour tous les citoyens étrangers habitant le territoire luxembourgeois et à revenir ainsi au droit commun pour tous.*

*(s.) Jean-Pierre Klein, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Marc Zanussi.*

Dat wieren no de Wahle vun 2004 nach sechs Joer no deem nächste Mandat, eng Mandatsdauer duerno. Sechs Joer Mandatsdauer fir d'Gemengeréit ass laang, an dofir stoung och d'Durée vum Mandat fir d'Gemengen zur Diskussioun.

Déi eng wëlle bei sechs Joer bleiwen, déi aner verlaangen eng Reduktioun op fënnef Joer. Déi fir sechs Joer sinn sinn déi, déi an der Verantwortung sinn, an der Majoritéit, déi aner sinn an der Oppositioun, wou d'Zäit hinne laang gëtt ier se eng nei Méiglechkeet kréie fir un de Pouvoir ze kommen. Mir si bei de sechs Joer bliwwen, well effektiv sinn dat keng sechs Joer fir effikass Aarbecht ze maachen, well déi Zäit an der Proximitéit vun de Wahlen, virun de Wahlen oder no de Wahlen, gëtt am Fong net méi esou intensiv fir d'Gemeng geschafft. Dofir ass et scho gutt wann déi sechs Joer stoe bleiwen. Dann huet een awer déi néideg Zäit fir datt d'Conseilen hir Programmer kënnen duerchféieren.

An deem Zesummenhank ass et och wichteg ervirzesträichen, datt an Zukunft déi nei Gemengeréit no de Wahlen esou schnell wéi méiglech hir Aarbechten ophuelen. Bis elo war dat den 1. Januar no de Wahlen, dat war net gutt. Wann eng Majoritéit d'Wahle verluer hat, hat se net méi deen néidegen Elan, oft keng Motivatioun méi fir d'Gemengegeschäfter zu hirem gudden Enn ze féieren.

Et sinn der déi et och nach fäerdeg bruecht hunn, fir hirem Successeur Problemer ze schafen oder ze hannerloossen, déi se selwer nach beschtens an der Lag gewiescht wären ze léisen.

Deen ale Conseil zum Beispill huet nach missen, esou wéi et am Gemengegesetz steet, de Budget fir dat nächst Joer stëmme virum 1. Januar a konnt deem neie Conseil seng Vuen an Iwwerleeungen imposéieren. All déi Méiglechkeete ginn elo reduzéiert an déi Nei sinn ugespornt fir esou séier wéi méiglech sech ze konstituéieren, fir kënnen hir Aarbechten opzehuelen, dat virum 1. Januar schonn.

A propos Konstitutioun vum Schäfferot. An der jetzeger Praxis ass et jo esou, datt déi neigewielte Majoritéit zesummekënnt a si eenegt sech op d'Konstellatioun vun deem neie Schäfferot. Dee gëtt dann dem Grand-Duc, respektiv dem Innenminister zur Nominatioun proposéiert. Dat geschitt elo ouni Publicitéit. Dat leeft hannert verschlossenen Dieren of. An deene meeschte Fäll gëtt de ganze Gemengerot net zesumme geruff. D'Öffentlechkeet weess iwwerhaapt näischt dovun. Am Sënn vun der Verantwortlechkeet vum Schäfferot virun dem Gemengerot wier et normal, datt de Gemengerot duerch e Vote public de Buergermeeschter an d'Schäffe géing nennen, an zwar an enger offizieller öffentlecher Sitzung, wou all Conseiller fräi ka matschwätzen an och mat décidéieren.

Dës Operatioun muss kënne vun all Interesséierte suivéiert ginn. Dat Ganzt géing also an aller Transparenz stattfannen. Mir hunn och d'Incompatibilitéit ugeschwat tëschent der Funktioun vum Buergermeeschter an dem Europadeputéierten. Mir sinn awer do net zu pertinente Konklusioune komm. Et ass gewosst, datt et schwéier ass dës zwou Funktiounen zu gläicher Zäit anstänneg duerchzeféieren. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg de Moment zwar keen esou Fall. Mir haten et awer schonn an der Vergaangenheet an et ass och fir d'Zukunft net ausgeschloss.

Et ass dréngend noutwendeg, datt dës Diskussiounen esou schnell wéi méiglech am Zesummenhank mam haaptamtlechen allerdéngs gewieltene Buergermeeschter gefouert ginn, dann och d'Diskussioun iwwert d'Vereinbarkeet vum Buergermeeschter mat dem Nationaldeputéierten, mat alle Reserven, déi een do kann umellen. Esou Bestriewunge fir en haaptamtleche Bourgmestre rémunéré anzeféiere gi wäit zréck, an ech erënneren do un eng Proposition de loi vum sozialisteschen Deputéierte Paul Wilwertz. Alleguer déi heibanne sinn, déi Kolleegen, déi och nach Buergermeeschter sinn oder Schäffen, wësse wat fir eng Laascht datt se mat all hiren Aarbechten ze droen hunn, wéi vill datt se Dag fir Dag dru sinn, fir hire villsäitegen an ëmmer méi komplizéierten, zwar interessante Missiounen nozekommen,…

***(Interruption)***

Jo, dat ass richteg.

…dat alles am Interesse an zum Wuel vun hire Gemengebierger, déi ëmmer méi komplizéiert Usprréch, besonnesch un de Buergermeeschter, an awer och un d'Schäffen an esouguer un d'Conseillere stellen.

De Buergermeeschterposten ass net eng Éierefunktioun, en Éierenamt, Här Strotz. All Parteie misste sech doriwwer eens sinn. Ech verstinn net, datt den Innenminister spéitstens bei dëser Geleeënheet net dovu profitéiert huet, dee vun alle Säite gefuerderte Congé politique eropzesetzen an de Règlement grand-ducal an deem Sënn ofzeänneren. Eng 50%eg Eropsetzung vum Congé politique fir d'Buergermeeschteren an d'Schäffe wär eng berechtegt Moossnam. Congé politique, deen och misst kënnen op de Mount cumuléiert an op eis Frontalieren ausgedehnt ginn, déi an hire Gemengen e politescht Mandat bekleeden. Domat, Här Minister, hätt Der lech bestëmmt net verginn. Dann hätten eis kommunal Mandatairë méi Zäit fir sech hire villfältegen Aufgaben nach vill besser hierzeginn. Et wär och eng moralesch Unerkennung vun hirem dagdeeglechen Asaz.

Och elo hätt kënnen u meng Proposition de loi geduecht ginn, déi fuerdert datt de Gemengegewielte Recht op politeschen Urlaub soll kréien, fir sech ze instruéieren a weider ze bilden. Et si schonn dräi Joer hier, datt dës Proposition de loi déposéiert ass, an näischt bougéiert an dëser Affär. Et wier dach awer am Intérêt vun der Saach selwer an am Intérêt vun deene Gewielten, datt se sech kënnten eng zolidd Formatioun verschafe fir d'Amt an aller Dignitéit, en toute connaissance duerchzeféieren.

Dofir, Här Minister, maachen ech en Appel un lech fir gudde Wëllen

ze weisen an op deem Gebitt d'Aféierung vun dësem Congé politique ze beschleunegen. Dat géing iwwregens och an de Geescht vun der Réforme administrative erapassen. Eng gutt Formatioun vun de lokale Politiker kéim de Benotzer vun dem Service public zum Gudden.

D'sozial Ofsécherung vu Buergermeeschter a Schäffen ass och enger Léisung ze ënnerwerfen. Et ginn nämlech Buergermeeschteren a Schäffen, déi Jorzéngten a Jorzéngten am Déngscht si vun der Allgemengheet, keng aner oder eng ongenügend aner Ofsécherung haten a spéider dann näischt vun hirer kommunaler Aktivitéit hunn. Dës Leit géinge gären eng adequat Cotisatioun bezuelen, fir no hirem Déngscht eng geregelt Unerkennung ze kréien, déi se verdéngt hunn. Duerno muss och onbedéngt an absehbarer Zäit gekuckt ginn.

Bei Geleeënheet vun der Ofstëmmung iwwert d'Amendementer zu dësem Gesetz hate mer an der Kommissioun zréckbehalen, datt d'Incompatibilitéit géif agefouert ginn tëschent dem nationalen Deputéierten an dem Europadeputéierten, dat mat de Stëmme vun der CSV, de Gréngen an der LSAP. D'DP hat sech enthalen. D'Fraktioune waren iwwregens mat dësem Punkt iwwert de Chamberspresident befaasst ginn.

Et sollt awer dunn anescht kommen. D'Koalitiounspartner ware sech nämlech net méi eens. D'DP wollt vun Ufank un eng Stagezäit vun dräi Méint, no där deen op zwou Lëschte Gewieltene sech misst entscheeden, entweder fir dat eent oder dat anert Mandat, dat europäescht oder dat nationaalt. D'CSV huet duerno hir Meenung geännert an huet op getrennte Lëschte fir déi zwou Wahle gehalen, dat heescht et konnt een net fir déi zwou Wahle kandidéieren. Et huet ee sech missten am Virfeld fir déi eng oder fir déi aner entscheeden.

Den Innenminister huet sech dunn drageluecht an huet gesot, vu datt dëst e Projet ass, deen am Konsens tëschent deenen dräi grousse Parteien ausgeschafft ginn ass, a well et an dësem Punkt kee Konsens gëtt, bleift et beim alen Text, also bei der aler Praxis, déi mer elo wollte mam Accord vum Statsrot entérinéieren.

Mir hunn an dësem Punkt an der zoustänneger Kommissioun e Schauspill erlieft, wat dem demokratesche Parlamentarismus senger net würdeg ass. Déi parlamentaresch Kommissioun décidéiert eng gutt Saach. No laanger objektiver Diskussioun war si mat der Unanimitéit vun de Stëmmen, nämlech fir d'Onvereinbarkeet tëschent Europadeputéierten an Nationaldeputéierten.

De Statsrot huet dozou näischt auszesetzen. D'Regierungsparteie ware sech duerno net méi eens, d'Regierung hélt sech d'lescht Wuert a seet: Da bleift et beim alen. An der Kommissioun hunn d'Membere vun der Koalitioun gefollegt, wéi ëmmer. D'Oppositioun huet zu Recht protestéiert a refuséiert fir nach eng Kéier mat ofzestëmme fir dat réckgängeg ze maachen, wat virdrun en due forme beschloss gi war.

Dat erënnert mech un de Leitartikel vum Lëtzebuerger Wort vum Marc Glesener ënnert dem Titel „Kein Konsens und damit basta?". Hien huet kritiséiert, dass bei dëser Revisioun vum Wahlgesetz fundamental Problemer, wou kee Konsens fonnt gi wär, net ugepaakt gi sinn. Hie kënnt no enger laanger, relativ ausféierlecher Analys zu folgender Konklusioun: „Kein Konsens und damit basta; eine mögliche Schlussfolgerung. Aber dann sollte man sich nicht wundern, wenn sich die Leute immer mehr abwenden von der Politik und allem Politischen." Dës Konklusioun gëtt duerch d'Haltung vun der Regierung an der politescher Majoritéit an der Kommissioun an dësem Fall beschtens ënnermauert.

***(Interruption)***

Esou Incidenten droen op kee Fall zur Opwäertung vun eiser Chamber bäi, eng Opwäertung op déi, Här President, Dir ëmmer an ëmmer drop hiweist, an zu Recht, an zu där och jiddferee sech heibanne wäert bekennen.

Bis elo war et jo esou, dass een nom Alter vu 70 Joer net méi huet musse wiele goen, dat souwuel bei de Landes- wéi bei den Europa- oder bei de Gemengewahlen. Bis zum Alter vu 70 Joer hunn d'Leit der Gesellschaft vill Déngschter geleescht, sief dat um sozialen, wirtschaftlechen oder op villen anere Plangen, méiglecherweis och um politeschen, wou se d'Méiglechkeet hate fir dem allgemengen Intérêt dénglech ze sinn. Si hu bis dohinner hiert Allerbescht gemaach. Si sollen elo kënnen de Rescht vun hirem Liewen an aller Rou an ouni Zwang genéissen. Si brauchen zu näischt méi forcéiert ze ginn. Mir sollten se elo a Rou loossen. Duerfir war et net noutwenneg fir de Wahlalter op 75 Joer erop ze setzen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Wat ass déi richteg Ursaach, Här Klein?

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Jo, ech weess.

Une autre voix.- Dat ass net déi richteg Ursaach.

La première voix.- Sot eis emol déi richteg Ursaach, Här Klein.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Den Här Strotz weess se.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Et wär net schlecht, wann déi doten dräi Sätz e bësse méi breet géifen ausgeluecht ginn, wat den Här Klein elo just iwwert déi eeler Leit gesot huet.

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Ech weess awer déi Ursaach net, Här Klein.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Herno. Et kann een iwwerhaapt iwwert d'Wahlpflicht diskutéieren, a wéi wäit dass et mat der perséinleche Fräiheet am Aklang steet. Lëtzebuerg an d'Belsch sinn déi eenzeg Länner an der Europäescher Unioun, déi déi allgemeng Wahlpflicht kennen. Et wier ubruecht gewiescht, wann een d'Grenz vun der Wahlpflicht bei 70 Joer gelooss hätt. Ëmmerhi steet et jo och elo scho jiddferengem fräi, fir no 70 Joer nach wielen ze goen, wann en dorunner interesséiert ass a Loscht huet ze goen. D'Eropsetzung op 75 Joer bréngt souwisou net vill, well wann een...

Une voix.- Den Här Strotz seet eis elo déi richteg Ursaach.

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Däerf ech dem Här Klein eng Fro stellen?

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Jo.

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Kann hie mir soen, ob hie fir oder géint d'Wahlpflicht wier?

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Ech hu gesot: il y a des pour et des contre. Ech sinn der Meenung, dass do jiddferee seng Meenung...

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Ech hunn lech gefrot ob Dir derfir sidd!

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Ech soen lech dat elo, Här Strotz. Et sollt eng Obligatioun sinn, well jiddferee misst do Verantwortung weisen a jiddferee soll sech un de Geschécker, sief et vun den nationalen oder vun de kommunale Problemer, musse bedeelegen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ass dat kloer elo?

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Ech mengen net. Also ass hien net dofir?

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Dach.

Une voix.- Dat war kloer. Merci, Här Strotz.

***(Hilarité)***

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Déi Eropsetzung op 75 Joer bréngt souwisou net vill, well wann een net wëllt stëmme goen, dann huet ee sech séier eng plausibel Entschëllegung zesumme gebastelt fir sech laanscht dës Pflicht ze drécken. Dofir hätte mir mat där aler Bestëmmung vun der 70-Joer-Grenz kënne liewen.

Une voix.- Dat do war kloer.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Wat den Découpage vun de Circonscriptioune bei de Landeswahlen ugeet, esou war doriwwer eng ganz interessant Diskussioun. Déi gréng Kolleegen hate gemengt et kéint mat enger eenzeger Circonscriptioun fir Lëtzebuerg duergoen. Dat schéngt mir awer net gutt ze sinn a mir hunn déi Iddi och net zréckbehalen, well et ginn elo jo scho Bestriewunge fir méi Circonscriptiounen ze maachen, fir dass verschidde Géigenden, déi elo schlecht représentéiert sinn, en Deputéierte garantéiert kréien.

***(Interruption)***

Bei enger eenzeger Circonscriptioun wär déi Méiglechkeet nach vill méi grouss, dass déi Gewielte géingen aus deenen dichtest besiedelte Regiounen aus dem Land ervirgoen. Duerfir schéngt mir eng verstänneg Andeelung vun eisem Land a véier Circonscriptiounen déi beschte Léisung ze sinn. De Kandidat soll esou no wéi méiglech un de Wieler eru geréckelt ginn an et soll de Particularitéite vun deenen eenzelne Regioune vun eisem Land bei dem Découpage vun de Circonscriptioune Rechnung gedroe ginn, quitte dass et sech heiansdo als noutwenneg erweist, dass een déi eng oder aner Redressementer un deene verschiddene bestehende Circonscriptioune géing virhuelen.

Ech gesinn zum Beispill net a firwat nach ëmmer d'Gemeng Koplescht zum Wahlbezierk Süde gehéiert, an datt besonnesch de Briddel, dee jo ganz bestëmmt méi Bezéiungen, soziokulturell gesinn, zu der Stad Lëtzebuerg huet - d'Leit vum Briddel a vu Koplescht schaffen an der Stad, hir kommerziell Aktivitéite wéckelen sech an der Stad of, déi meeschte Kanner aus deenen Uertschafte ginn an der Stad an de Postscolaire, d'Stad Lëtzebuerg huet Bezéiungen zu der Gemeng Koplescht op deene verschiddensten Niveauen -, duerfir misst eng Kéier seriö driwwer nogeduecht ginn ob et net méi richteg wär, wann d'Kopleschter Gemeng zum Wahlbezierk Zentrum géing gehéieren. Natierlech missten d'Bierger aus der Kopleschter Gemeng gefrot ginn an dozou hiren Accord ginn.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här Klein, den Här Koepp kënnt och all Dag an d'Stad schaffen.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Jo.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Hien ass awer aus dem Éislek.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Hien huet och e wäite Wee ze maachen.

M. Jean-Pierre Koepp *(ADR).*- An hien ass nach net ëmmer dee leschten hei.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Voilà.

***(Hilarité)***

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Mir kënnen den Norden awer net...

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Net verléieren.

***(Hilarité)***

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Dir verstitt jo, wat ech domat mengen.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Jo.

D'Ofschafung vun de Wahlsektioune fanne mir eng gutt Saach, besonnesch fir d'Majorzgemengen. Bis 1962, de Rapporteur huet et ugeschnidden, hate mir och verschidde Rechesektiounen an de Gemengen, déi meeschtens mat de Wahlsektiounen iwwerenee gestëmmt hunn. Dat war ëmmer deen Zodi, wann déi Conseile fir déi eenzel Sektiounen hiren eegene Budget all Joer opgestallt hunn. Mat de Wahlsektiounen huet an de Gemengen deeselwechte Geescht geherrscht. Jiddfereen huet gemengt hie wier eleng Meeschter a senger Sektioun.

Une voix.- Dat ass wéi haut bei de Wahlbezierker.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Dem Recht no ass dat awer net esou. De Gemengeconseiller huet kee Mandat deen un eng Sektioun gebonnen ass, mä hien huet e Mandat général. Hien huet Kompetenz fir dee ganzen Territoire vun der Gemeng.

***(Interruption)***

An der Zäit war et sécherlech wichteg, dass deen eenzelne Bierger e Conseiller an der Noperschaft hat an hie wosst u wien dass e sech konnt direkt wenden, wann hien e Problem mat der Gemeng hat, wann den Trottoir net gekiert war oder de Grill net gebotzt war. Haut ass déi Situatioun net méi esou wichteg, duerch d'Mobilitéit an déi modern a villfälteg Kommunikatiounsmëttelen. All Conseiller, de Buergermeeschter an de Schäffe si fir déi ganz Gemeng do. All Sektioun muss net onbedéngt e Schäffen hunn. Souwisou wär dat net ëmmer méiglech an deene Gemengen, déi véier, fënnef oder nach méi Sektiounen hunn.

De Conseiller, de Buergermeeschter oder de Schäffen hunn net dierfe vun enger Sektioun an déi aner plënneren, ouni hire Mandat ze verléieren. Dat ass jo lächerlech gewiescht an duerfir ass et schonn ze begréissen, dass d'Wahlsektiounen offiziell ofgeschaaft gi sinn. Bis elo konnten d'Gemengeréit dat laut enger bestëmmte Prozedur selwer décidéieren. Et ware Gemengen, wou dat geschitt ass, mä net all hate se de politesche Courage fir dës Operatioun ze maachen.

Bei der Identitéit vun den Electeuren op der Wielerlëscht war an engem Amendement virgesi gi fir de Sexe vum Wieler mat anzedroen. D'DP a mir, d'Sozialisten, ware géint esou eng Moossnam. D'CSV an DÉI GRÉNG waren dofir. Et war also och an dësem Punkt kee Konsens, keng Eenegkeet an der Koalitioun. De Statsrot huet de Koalitiounsparteien an deem Punkt den Dar aus dem Fouss gezunn, andeem hie sech vehement géint esou eng Bestëmmung gewiert huet.

***(Interruption)***

D'Zuel vun den Ënnerschréfte vun den Electeure fir d'Lëschte fir déi verschidde Wahlen ze présentéieren ass och erop gesat ginn. Dat ass fir ze verhënneren oder méi schwiereg ze maachen, fir Fantasie- oder onkomplett Lëschten ze présentéieren.

D'Membere vun de Wahlbüroe si markéiert duerch hir Neutralitéit an Onofhängegkeet géigeniwwer de Kandidaten, déi op de Stëmmziedele stinn. Et geet an Zukunft net méi, dass deen een oder anere politesche Mandataire an engem Wahlbüro sëtzt. Ausser dem Lien de parenté oder enger Allianz mat engem Kandidat däerf zum Beispill och kee Buergermeeschter, Schäffen oder Conseiller méi an engem Wahlbüro sëtzen. Dat geet net méi. Dat alles fir esou vill wéi méiglech d'Neutralitéit an de Wahlbüroen ze garantéieren.

De Sekretär vum Wahlbüro, besonnesch dee vum Haaptwahlbüro, ass eng ganz wichteg Persoun bei de Wahloperatiounen. Ganz oft ass et de Gemengesekretär, deen a ville Fäll net an der Gemeng wunnt an also net Electeur ass vun der Gemeng, wou hien normalerweis schafft. Dofir wollte mer de System esou loosse wéi e bis elo war, dass de Sekretär vum Wahlbüro net muss Electeur vun der betreffender Gemeng sinn. De Statsrot huet sech formellement dogéint opposéiert. Mir bedaueren, dass elo vill kleng Gemengen net méi op d'Hëllef vun hirem Sekretär bei de Wahlen zréckgräife kënnen.

De Vote par correspondance ass och méi einfach gemaach ginn, wat d'Délaie vu senger Ufro ubelaangt. Et wier och gutt gewiescht wann een d'Ursaachen, fir de Vote par correspondance unzefroen, diskutéiert hätt an deem Sënn fir en ofzeschafen an dëse Wahlmodus fräigestallt hätt.

Et wär vill méi einfach fir de betraffene Wieler gewiescht, well deen ass heiansdo an enger onsécherer Situatioun a weess net ob e verhënnert ass oder net um Sonndeg vun de Wahlen, ob et soll de Vote par correspondance beantragen oder net. D'Schäfferéit hätten dann och keng Verantwortung a keng Missioun méi gehat, si hätte keng Décisioun méi brauchen ze huelen an där enger oder an där anerer Richtung, et hätt jiddferee gewosst wou en dru gewiescht wär. Wann de Vote par correspondance ugefrot gi wär, dann hätt e kënnen ouni Konditioune praktizéiert ginn.

Iwwert de Panachage hu mir och geschwat. Mir hunn deen awer bäibehalen. D'Iddi fir en ofzeschafen ass net duerchgesat ginn. Wa mer soen datt ee soll de Kandidat esou no wéi méiglech un de Wieler erubréngen, da muss een dem Wieler awer och d'Méiglecheet loosse fir den Eenzelkandidat op alle Lëschten ze stëmmen. Ech fannen, datt mir op deem Plang ee gudde System hunn. All Wieler huet e puer Méiglechkeeten. En huet de Choix fir entweder eng ganz Lëscht ze stëmmen oder op enger oder op méi Lëschte seng Leit eraus ze sichen, zu deenen e Vertrauen huet. Dat ass a mengen Aen e ganz gudde Mëschsystem.

Wat an dësem Projet de loi net gutt geléist ass, dat ass de Problem bei Stëmmegläichheet vun zwee Kandidaten. Bis elo war et deem eelste säi Privileg fir an de Gremium anzezéien. Domat war dee jéngere

Kandidat oder déi jénger Kandidatin benodeelegt. Vun elo u gëtt d'Lous gezunn an dat entscheet. Et ass also e Jeu de hasard fir den Auserwielten ze bestëmmen. De Statsrot ass vun deem System net enchantéiert. Mir haten eis ausgesprach fir de Virtrëtt am Prinzip dem ënnerrepresentéierte Sexe ze iwwerloossen, doduerch wäre mer méi no un déi gewënschte Paritéit tëschent Fra a Mann erukomm.

An der Zukunft gëtt et am Majorzsystem den zweete Sonndeg net méi. Souwisou gëtt et am Proporzsystem, dat weess jiddfereen, keen zweete Sonndeg. Den zweeten Tour gëtt ofgeschaaft. Déi, déi déi meeschte Stëmmen hu gëllen als gewielt. Dat ass eng gutt Saach, mä et muss ee sech awer och bewosst sinn, datt an deene meeschte Fäll elo Leit an d'Gemengeréit eranzéien, déi net méi déi absolut Majoritéit vun de Stëmmen hunn, also net emol d'halschent vun de Wieler hanneru sech hunn. Do muss ee sech d'Fro iwwer d'Légitimitéit vun esou engem Elu stellen. Et huet awer den Avantage fir déi manner grouss Gemengen, datt Rou bleift nom éischten Tour. Dat war bis elo an deene Gemengen tëschent dem éischten an dem zweete Sonndeg eng Hetz, eng Panik, e Stress, eng Onrou, wat oft zu Haass an zu perséinlechem Sträit gefouert huet, wat oft net méi gutt ze maache war. Ganz oft sinn do déi gréissten Intrigen an esouguer Onwourechten a Verleumdungen op d'Tapéit komm. Do si Campagnë gefouert ginn, déi alles wéi net propper waren.

Deen heite System ass vill méi kamout fir de Wieler a vill manner kostspieleg fir d'Gemengen. Et gëtt fir méi Sérénitéit gesuergt. Nom éischten Tour ass et eriwwer an et ass Rou an der Gaass. Et gi keng Combinë méi gemaach. D'Saach ass kloer an et gi keng Wonne méi geschloen, déi net méi ze heele sinn.

D'Komplementarwahlen am Majorzsystem fir d'Gemenge sinn och vill méi soupel gestallt ginn. No der Ofschafung vun de Wahlsektiounen hu mir nëmme méi eng eenzeg Wahlsektioun an all Gemeng. Bei der éischter Vakanz vun engem Posten an engem Gemengerot kënnen Ersatzwahlen ofgehale ginn, et musse keng Ersatzwahle stattfannen. Déi Décisioun, ob oder net Ersatzwahle sinn, ass dem jeeweilege Gemengerot iwwerlooss, deen dann en toute autonomie an en toute opportunité kann décidéieren. Dem Gemengerot ass et also iwwerlooss, esouwuel déi finanziell wéi déi politesch Opportunitéit vun Ersatzwahlen a seng Iwwerleeunge mat eranzebréngen. Allerdings bei der zweeter Vakanz ass et obligatoresch, datt dann Ersatzwahle fir déi zwee Posten ausgeschriwwe ginn. Dat ass méi ee rationellen a méi e wirtschaftleche System.

Mir hunn an dësem Gesetz och d'Finanzéierung vun de Wahlcampagnë vun de Landeswahle mat era geholl. Et hätt een awer och dës Kéier missen onbedingt drun denken, fir eng Décisioun ze huelen iwwert de Finanzement vun de Wahlcampagnë fir d'Gemengewahlen. Et wär logesch gewiescht, wann een dat elo mat era geholl hätt. Dat ass net geschitt.

Här President, dëst neit Gesetz bréngt um Plang vun de Chamber-, Europa- a Gemengewahlen eng ganz Rei vun Ännerunge par rapport zum Gesetz vun 1924, esou wéi et an der Zwëschenzäit ofgeännert ginn ass. Mir sinn eis bewosst, datt d'Wahlgesetz e sensibelt Gesetz ass, vläicht méi ewéi en anert, dat ganz am Detail a virsiichteg muss ugewannt ginn. Déi nei Bestëmmunge mussen direkt no hirem Vote deene betreffende Verwaltunge bei Stat a Gemengen zur Kenntnis bruecht ginn, besonnesch d'Gemengepersonal, de Sekretär, si mat där neier Problematik konfrontéiert. Dofir däerf keng Zäit verluer goe fir direkt Opklärungscampagnen ze starten, fir déi Leit, déi dëst Gesetz géréieren, esou séier an esou gutt wéi méiglech doriwwer ze informéieren iwwert de Wee vu Circulairen. Fir et gutt ze maachen, bräichte mir e Manuel d'utilisation, deen déi nei Elementer opweist am Verglach mam Gesetz vun 1924.

Zum Schluss. Ech hat eng Kéier an der Kommissioun drop insistéiert, datt zu dësem Projet de loi sollt de SYVICOL gehéiert ginn. Eisen Avis ass net gefrot gi fir eis heizou auszespriechen. Dat ass net gutt gewiescht. Ech mengen de SYVICOL wär beschtens an der Lag gewiescht fir heizou säin Avis ze maachen.

Dëst d'Gesetz geet eis als Fraktioun net wäit genuch. Et sinn allerdings vill Verbesserungen dran, wou een net kann dergéint sinn, an dofir stëmmt eis Fraktioun dëst Gesetz. Ech ginn och den Accord vun der Fraktioun fir dëse Projet de loi.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zivil Rechter an déi fundamental Fräiheeten, wéi virun allem d'Recht ze wielen oder gewielt ze ginn, gehéieren zu de wichtegsten Objektiver vun engem Stat. Regelméisseg demokratesch Wahle sinn eent vun de politeschen a juristeschen Instrumenter déi fir Stabilitéit an engem Rechtsstat suergen.

D'Verfassungsrevisioun vun 1919 hat jo an eisem Wahlrecht zwee nei Prinzipien agefouert: engersäits d'Représentation proportionnelle an anerersäits de Suffrage universel, wat eis erlaabt datt all gesellschaftlech Gruppe politesch representéiert sinn. Déi liberal Demokratie fousst op der Unerkennung vum allgemengen, gläichen, direkten a geheime Wahlrecht. Haut stellen dës Prinzipien en elementare Pilier vun eisem Wahlsystem duer.

Dem Projet de loi vun haut fält also deementspriechend eng ganz grouss Bedeitung zou. Dat erkläert jo och, firwat datt am Virfeld scho vill Gespréicher ënnert deenen eenzelne Parteie gefouert goufen, fir wa méiglech e gréisst méigleche Konsens ze erreechen. Déi Approche ass noutwendeg a wichteg gewiescht fir d'Stabilitéit vun eisem Land weiderhin ze garantéieren. Bei dem Wahlgesetz kann ee jo ouni Zweifel vun enger sougenannter Constitutioun-bis schwätzen. D'Kommissioun huet sech et mat Sécherheet net einfach gemaach, och wann de Schlusssprint dach nach gewëssen Efforten ofverlaangt huet.

Ech wëll aleedend awer scho festhalen, datt d'DP sech mat dësem Gesetz ganz zefridde weist, well de Gros vun eise Propositiounen zréckbehale gouf, déi mir iwwregens an engem Positiounspabeier schonn den 19. Juli 2000 arrêtéiert haten.

Eng kruzial Fro muss ee sech natierlech am Ufank zu der Bewäertung vun dësem Gesetz stellen, an zwar déi folgend: Ass d'Participatioun um politesche Liewe vun eiser Demokratie eng Flicht fir all Bierger? Wa mir déi Fro mat jo beäntwerten, da läit et selbstverständlech och an der Logik, datt mir de Vote obligatoire bäihale mussen. D'Wahlpflicht iwwert déi ee sech natierlech kéint vill méi déifgrënneg Gedanke maachen, huet zumindest de Virdeel, datt de Bierger sech regelméisseg bewosst gëtt wéi héich de Stellewäert vun engem demokratesche Statssystem anzeschätzen ass. Hie soll et als eng Chance gesinn, dëst Recht ausüben ze kënnen. Dat ass och d'Ursaach firwat datt meng Partei nach wie vor och um Vote obligatoire festhält.

An deem Kontext kann een a muss een och d'Fro opwerfen, wéini datt ee Bierger d'Maturitéit erreecht huet fir un deem Prozess deel ze huelen. Et gëtt Leit déi mengen, datt eng jonk Persoun vu 16 Joer räif genuch wär fir un de Wahlen deel ze huelen. Mir gesinn dat allerdéngs net esou an dofir ass d'DP och géint en Erofsetze vum aktive Wahlalter. Par contre begréisse mir awer, datt elo um legislative Plang fir déi Jonk, wa se den Alter vun 18 Joer erreecht hunn, et méiglech gëtt, dat passiivt Wahlrecht ausüben ze kënnen. Dat ass ee wichtege Schrëtt an och eng weider Integratioun vun de jonke Leit an d'politescht Liewen. Den Eugène Berger hat iwwregens an enger Proposition de loi vum 7. Dezember 1995 schonn dës Dispositioun gefuerdert.

Positiv ze bewäerten ass och, datt elo de Stéchdatum net méi den 31. Dezember ass, mä datt jonk Leit, déi eréischt am Laf vum Joer hir 18 Joer kréien, och kënnen dat aktiivt Wahlrecht ausüben. Bis elo ware mir esouguer an där kokasser Situatioun um kommunale Plang, datt een zwar theoretesch konnt seng Kandidatur stellen, mä op där anerer Säit net huet dierfen un de Wahlen deelhuelen. An deem Sënn haten iwwregens och schonn d'Lydie Polfer an den Henri Grethen eng Proposition de loi den 11. Mäerz 1999 déposéiert, déi elo an dësem Gesetz hiren Niddérschlag fonnt huet.

Eng aner Moossnam am Interesse vun deene Jonken ass den Tirage au sort, dee mer elo aféiere bei Stëmmegläichheet, well zumindest dee Jonken elo 50% d'Chance kritt och e Mandat ze erreechen.

D'Propositioun vum Statsrot an deem heite Kontext, fir deem méi schlecht representéierte Geschlecht d'Mandat ze iwwerginn, huet jiddefalls eis Zoustëmmung net fonnt, well mir jo prinzipiell, an ech wäert och herno nach op dee Punkt zréckkommen, géint d'Aféierung vu Quote sinn.

D'Eropsetze vum wahlpflichtegen Alter vu 70 op 75 Joer ass eng Moossnam, dat ginn ech ganz gären zou, déi an eise Reien net onbedéngt déi ganz grouss Euphorie ausgeléist huet, och wann d'Argument net falsch ass, datt selbstverständlech d'Liewenserwaardung an deene leschte Jorzéngten an d'Luucht gaangen ass, mä et kann een net verkennen, datt duerch d'Aféierung vun dëser neier Moossnam awer och gegebenefalls nei Problemer kéinten entstoen.

Datt een elo och muss 50 Ënnerschrëfte virweisen, fir kënnen eng Lëscht um kommunale Plang ze presentéieren, fënnt op alle Fall eis Zoustëmmung. Dat erlaabt jiddefalls fir déi sougenannte Folklorslëschte vu vireran auszeschléissen.

Ee Wuert nach zum Verwandschaftsgrad. Hei hu mer zwar keng Ännerung virgeholl. Ech perséinlech sinn allerdéngs der Meenung, datt ee sech hätt sollte Gedanke maachen, ob een net de Lien de parenté vum zweeten op den drëtten oder esouguer op de véierte Grad hätt sollten erweideren, well d'Situatioun, datt an engem Schäfferot zwee recht Kosénge sëtzen - an déi Situatioun gëtt et jo hei zu Lëtzebuerg an engem Schäfferot - ass awer zumindest diskutabel.

Da muss een awer och drop hiweisen, datt mat der Aféierung vum Partenariatsgesetz, wat mer jo wäerten an deenen nächste Wochen a Méint stëmmen, eng nei Situatioun sech wäert um kommunale Plang dee Moment astellen, an elo muss een hei schonn ënnersträichen: Zwee Leit, déi dann natierlech wäerten esou e Partenariat ënnerschriwwen hunn, mussen deementspriechend dann awer och gesi gi wéi eng bestuete Koppel, wa se sollten, wéi gesot, zesummen an engem Gemengerot setzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Matière vum Wahlgesetz huet eis Gesellschaft jo eng immens Evolutioun matgemaach. Ech wëll zum Beispill hei drun erënneren, datt 1922 e Sondage gemaach gi war ënnert de Gemengen an ënnert de gewieltene Vertrieder, datt deemools eng ganz grouss Majoritéit sech géint d'Représentation proportionnelle ausgeschwat hat. Zum Beispill ware vun 123 Gemengen der 116 dogéint, a vun 992 Gemengerotsmemberen hate sech der 853 géint de Proporzsystem ausgeschwat. Dat sinn natierlech Iwwerleeungen, déi ee sech haut net méi esou ka virstellen.

Haut, duerch dëst Gesetz, erhéije mer esouguer d'Zuel vun de Proporzgemengen, wat jo virdrun hei schonn ënnerstrach ginn ass.

Eent vun den Haaptelementer vun eisem Wahlsystem ass natierlech ouni Zweifel de Panachage. Mir kenne jo hei zu Lëtzebuerg eng besonnesch breet Form vum Panachage, an dat ass och gutt esou. Ech wëll ganz kloer hei soen, datt d'DP quasi déi eenzeg Partei ass, déi sech fir d'integraalt Bäibehale vum Panachage ausgeschwat huet.

***(Interruptions diverses)***

Ech hu vu Parteie geschwat, a woen esouguer hei ze behaapten, wann net den Asaz vun der Demokratescher Partei gewiescht wär, datt da wahrscheinlech um Panachage geknabbert gi wär.

***(Interruptions diverses)***

Ma da loosst eis emol d'Realitéit an d'A kucken! Dann nennt mer ausser de Kolleege vum ADR eng Partei, déi wollt de Panachage integral bäibehalen. Här Gira, Dir wollt en esouguer ganz ofschafen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Dir schwätzt hei egal wat!

M. Gusty Graas *(DP).*- Ma sécher! Dir wollt de Panachage ganz staark aschränken.

Eppes ass op jidde Fall kloer, de Panachage beaflosst net nëmmen dat relatiivt Gewiicht vun enger Partei, mä gëtt jo awer och dem Wieler zousätzlech d'Méiglechkeet d'politesch Chancë vun deem Eenzelnen ze bestëmmen. An de Wieler huet och duerch dëse System vill méi e groussen Entscheedungsspillraum. Doniewent erlaabt de Panachage awer och dem Wieler eng méi perséinlech Relatioun mat dem Gewielten unzestriewen. An dësen Atout sollt een op kee Fall aus der Hand ginn. Well d'Stäerkt vun engem klenge Land besteet jo dodran, datt de Wee vum Bierger bis bei de Politiker vill méi kuerz ass. An doduerch ka sech och vill méi e grousst Vertrauensverhältnis deementspriechend opbauen. D'Ofschafe vum Panachage an esouguer dat deelweist Aschränken hätt als Konsequenz, datt net méi de Wieler, mä d'Parteie géinge bestëmme wien d'Mandat kréich. Mir géingen eis also a Richtung vun engem Parteiestat beweegen, an dat wär mat Sécherheet net förderlech fir d'Demokratie.

An eisem Nopeschland Däitschland funktionéiert jo e System mat Direktmandater a mat Lëschteplazen. An duerch dëse wéineg demokratesche System waren zum Beispill an Nordrhein-Westfalen bei de leschte Bundestagswahle vun 128 Deputéierten der schonns 78 virun der Wahl gewielt. Dat heescht 61%. Zu Hamburg louch dës Quot bei 80%. Hei gouf sech op sécher Erfahrungswäerter aus deene leschte Bundestagswahlen gestäipt, an an deem Fall kann ee jo awer mat Sécherheet net méi vun enger Direktwahl duerch de Bierger schwätzen.

Ech wëll an deem Kontext hei och emol en Artikel zitéiere vun engem Professer fir Verfassungstheorie, den Hans Herbert von Arnim, deen am Focus erschéngen ass ënnert dem flotten Titel „Statt der Bürger bestimmen die Parteien die Abgeordneten". Deen ass de leschten 12. August virun den däitsche Bundestagswahlen am Joer 2002 publizéiert ginn, an en huet ënner anerem folgendes geschriwwen: „Unser Wahlsystem nimmt dem Wähler die Möglichkeit schlechte Politiker durch Abwahl zu bestrafen. Ist die mangelnde Verantwortlichkeit der Politik gegenüber dem Wähler nicht vielleicht eine Ursache für deren viel beklagte Handlungsunfähigkeit?"

D'Ofschafe vum Panachage géing awer och bedeiten, datt mer dem Wieler quasi eng Ideologie opdränge missten, well e misst sech jo dann tëschent eenzelne Parteien entscheeden, an net méi tëschent eenzelne Leit. Dat wär ouni Zweifel eng Aschränkung vum individuellen Expressiounsrecht.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här Graas, da misste mir jo déi formidabelst Politiker vu ganz Europa hunn!

M. Gusty Graas *(DP).*- Mir hu mat Sécherheet net déi schlechst! An dann däerf een och net vergiessen, datt jo awer schliesslech hannert all Kapp awer eng politesch Meenung stécht. Deen, dee fir seng Partei wëllt e Mandat kréien, vertrëtt jo awer och d'Ideologie, vertrëtt jo awer och de Programm vu senger Partei. Och dat ass en Element, dat een op kee Fall soll an där ganzer Diskussioun ignoréieren.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Jiddefalls, fir eis ass et ganz kloer, datt mir den integrale System vum Panachage bäihale wëllen, a mir weisen eis ganz zefridden, datt eise Koalitiounspartner mat op dee Wee gaangen ass.

Och wat d'Aféierung vu Quoten ubelaangt, huet d'DP jiddefalls eng ganz kloer Positioun verteidegt. Mir sinn aus enger Rei vun Ursaache géint paritéitesch Moossnamen op de Wielerlëschten. An eisem schonns zitéierte Positiounspabeier hate mer ënner anerem dat folgendermoosse resüméiert: „Toute quote visant à favoriser un sexe masculin ou féminin serait contraire au principe de non-discrimination tel qu'il est consacré par l'article 10bis de notre constitution. En effet, en soulignant que les Luxembourgeois sont égaux devant la loi, toute disposition législative instaurant un privilège pour n'importe quel sexe équivaudrait à une discrimination de l'autre sexe. L'obligation pour les partis de présenter des listes équilibrées de candidats masculins et féminins s'oppose au principe de la liberté de candidature."

Och an der Politik muss nach wie vor de Leeschtungsprinzip gëllen, onofhängeg wat fir e Geschlecht datt een ass. De Wieler muss, genau esou wéi beim Panachage, d'Méiglechkeet kréien de Politiker op seng Performance ze bewäerten. D'Festhale vu Quote géing jiddefalls deem Prinzip net Rechnung droen. Jo, et wier esouguer eng Aschränkung vum fräie Wahlrecht dat all Bierger huet. Mir wëlle weder Quote fir Geschlechter, nach Quote fir Beruffs- an Interessegruppen. Grad d'Demokratesch Partei liwwert jo awer de beschte Bewäis, datt d'Fraen eben eng Chance an der Politk hunn, an ech brauch hei net all déi Dammen opzezielen, déi innerhalb vun der Demokratescher Partei eng ganz grouss Carrière gemaach hunn.

Déi eenzel Parteien hu jo och d'Méiglechkeet intern hir Quoten anzeféieren, an ech fannen et ëmmer besonnesch lëschteg vun de Sozialisten déi net midd ginn, besonnesch hir weiblech Vertrieder, fir sech anzesetze fir d'Quoten, an

da froen ech emol: Wat hutt Der dann an Ärer eegener Partei errecht? Ech mengen déi Fro kënnt Der lech jo da selwer beäntweren.

Jiddefalls, mir als Demokratesch Partei wäerte mat Sécherheet och intern keng Quoten aféieren. Allerdéngs ass et sécher, datt ee sech soll asetzen, datt dat Ëmfeld nach verbessert gëtt, datt d'Frae méi Méiglechkeete kréie sech aktiv an der Politik ze bedeelegen. Do sinn an deene leschte Jore schonn eng Rei wichteg sozial Mesurë geholl ginn, wat allerdéngs net soll ausschléissen, datt doriwwer eraus nach sollen aner Méiglechkeeten…

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Ech ginn net an den Detail, ech wëll just soen, datt eng Rei vu Moossname geholl gi si fir zum Beispill d'Beruffsliewen an d'Familljeliewe besser mateneen ze conciliéieren, datt ee méi Fräizäit huet. Deen neie Statsbeamtestatut geet jo och an déi Richtung. Et gëtt eng Rei vu Moossnamen, déi also schonn dorophin zielen, fir eben dat Ëmfeld ze verbesseren. Mä ech ginn awer ganz gären zou, ech hunn dat jo elo och hei ënnerstrach, datt een do nach soll zousätzlech Efforte maachen.

***(Interruption)***

Natierlech, wa mer vum Engagement an der Politik schwätzen, si mer ganz séier - a mäi Virriedner de Jempy Klein huet dat schonn hei ugesprach - bei dem Sujet Congé politique.

Dëst Thema beschäftegt eis als Kommunalpolitiker jiddefalls regelméisseg. Ech wëll op dëser Plaz nach eng Kéier eng Lanz brieche fir e verbesserte Congé politique, deen an der Vergaangenheet iwwregens och scho regelméisseg vun der Fédératioun vun de liberale Gemengerotsmemberen, der FCCD, verlaangt ginn ass.

Et ass net d'Erhéijung vun den Diäten oder vun de Jetonen, déi d'Léisung duerstellt, mä et ass ganz kloer d'Verbesserung vum Congé politique, déi et deenen eenzelne Mandatairë géif erlaben hirer Missioun nach méi gerecht ze ginn. Sécher ass ee sech natierlech bewosst, dass dat eng Rei vu Problemer mat sech bréngt. Mir wëssen, dass dat besonnesch am Privatsecteur net ëmmer esou ganz gäre gesinn ass. Natierlech muss awer och deen Eenzelne wësse wat fir e Choix dass en trëfft, wann en aktiv Politik wëllt maachen. Ech wëll awer nach eng Kéier drun erënneren, dass bei der Ofwiesenheet vun enger Persoun, déi e politescht Mandat huet, de Patron jo awer e Recht op Remboursement vun deene Fräen huet, déi enstinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat neit Wahlgesetz bréngt natierlech eng Rei grondleeënd Veränneerungen, besonnesch fir d'Majorzgemengen, mat sech. D'DP begréisst selbstverständlech, dass d'Sektiounen ofgeschaaft ginn an d'Gemengen elo u sech endlech, kann ee soen, zu enger eenzeger Entitéit ginn. Dëse Punkt beweist jiddefalls am beschten, dass ee keng radikal Moossnamen treffe soll, well d'Ofschafe vun de Sektiounen huet sech net vun haut op mar gemaach, mais au contraire, deem ass e laangen Denkprozess virausgaang an deen huet scho praktesch Ufanks de sechzeger Joren agesat, wéi deemools décidéiert ginn ass fir d'Kontabilitéit pro Sektioun ze supprimëieren. Dass mer et elo haut fäerdeg bréngen dëse Schrëtt ze goen, an dat quasi ouni nennenswäert Oppositioun an am Konsens, ass jiddefalls d'Resultat vun enger Evolutioun an eiser Gesellschaft.

Mir mussen op sinn, fir verstäerkt gréisser Handlungsstrukturen opzebauen. D'Ofschafe vun de Sektioune wäert mat Sécherheet och e positiven Impakt op déi finanziell Situatioun vun enger Gemeng hunn, well een elo munch Déngschtleeschtunge méi rationell gestalte kann. An deem Kontext drängt sech natierlech och eng méi fundamental Reflexioun iwwert d'Gemengefusiounen op. Mir als DP stinn a priori Gemengefusioune positiv géigeniwwer, allerdéngs musse se vun ënnen erop wuessen an dem Wëlle vun deene betraffene Populatiounen entspriechen. Déi Initiativen, déi zum Beispill de Moment am Norde vun eisem Land lafen, fanne mir jiddefalls richteg a si weisen an déi gutt Richtung.

Och d'Ofschafe vum Ballottage ass e wesentlecht Element vun dësem neie Gesetz. Den zweeten Tour an de Majorzgemenge huet ouni Zweifel eng Rei vun Désavantagen. Onofhängeg vun deem Gestreits, wat dann zwëschent deenen zwee Sonndeger entstanen ass, muss ech nach drop hiweisen, dass de Wieler net méi d'Méiglechkeet hat fir iwwert de Wee vun der Bréifwahl um zweeten Tour deelzehuelen an et sinn nach eng Rei zousätzlech, et kann ee scho bal soen onnéideg, Käschten entstanen. An der Praxis huet souwisou de Ballottage net all ze vill um Resultat vum éischte Sonndeg geännert.

De Statsrot huet iwwregens a sengem Avis dat mat engem flotte Saz ëmschriwwen, duerfir wëll ech deen nach eng Kéier hei zitéieren: „Le poids démesuré que prenait le second tour et le peu de cas qui était fait des résultats acquis lors du premier tour étaient difficilement compatibles avec le rôle accordé à l'expression de la volonté des électeurs." An de Majorzgemenge kënne sech natierlech elo nei Problemer stelle wat d'Successioun ubelaangt, wann e Mandat vakant gëtt. Ech mengen awer, dass déi Moossnamen, déi mer elo zréckbehalen hunn, keng gréisser Problemer mat sech bréngen.

Wann et och an deem Punkt e gewëssenen Asaz vun eiser Säit aus kascht huet, esou si mer awer frou festzestellen, dass d'Legislaturperiod um kommunale Plang bei sechs Joer bleift, souguer theoretesch kéint iwwer sechs Joer goen. Sechs Joer hunn ouni Zweifel de Virdeel, dass eng Majoritéit net nëmmen hir Projete plangen, mä och nach ëmsetze kann.

Eng vun deene wichtegsten Neierungen an dësem Gesetz ass awer ouni Zweifel d'Extensioun vum aktive Wahlrecht op d'Net-EU-Bierger. Mir maachen do als Lëtzebuerg ouni Zweifel e weidere grousse wichtige Schratt a Richtung Matbestëmmung vun eisen auslännesche Matbierger. Et ass jiddefalls och dat de Beweis, dass eist Land en oppene Geescht huet a bestrieft ass fir nach eng besser sozial Kohesioun an eiser Gesellschaft unzestriewen. Aus eiser Siicht ass awer déi Contrainte vu fënnef Joer Openthalt am Land gerechtfäerdegt. Et kann net sinn, dass Leit, déi nëmme fir eng kuerz Zäit hire Wunnsëtz an eisem Land installéieren, direkt och d'Recht kéinte kréie fir sech un de Wahlen ze bedeelegen.

Et soll een awer elo vun der Geleeënheet profitéieren - an ech menge jo och, dass d'Regierung wëllt op dee Wee goen -, fir den Net-EU-Bierger duerch geziilte Sensibiliséierungscampagnen d'Participatioun un de Wahle méi interessant ze maachen. Dat gëllt iwwregens och fir déi communautaire Matbierger, well d'Vergaangenheet jo gewisen huet, dass bis elo awer trotzdeem nach ëmmer eng gewësse Retizenz ze verspiere war. Do soll also jiddferee sech an d'Pflicht huelen, fir dat eben nach méi ze promouvéieren.

Och d'Erofsetze vun de Residenzkonditiounen, wéi gesot fir d'EU-Bierger, ass en zousätzleche Beweis, dass mer verstäerkt déi auslännesch Leit um politesche Prozess wëlle bedeelege loossen. Ech mengen, hei kann ee roueg ënnersträichen, dass Lëtzebuerg an deem Beräich do ouni Zweifel als Musterland kann duergestallt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Opdeelung vun eisem Land an nei Bezierker ass jo schonn eng laangjähreg Diskussioun. Virun allem verschidde Bierger aus dem Weste vum Land an och aus dem Kanton Miersch maache sech ëmmer erëm breet fir en eegene Bezierk oder gegebenenfalls souguer eng Ugliddérung un den Nordbezierk. D'Argument, déi Leit hätten da vläicht méi Chance e Kandidat an d'Chamber ze kréien, muss een allerdéngs relativéieren, well et gi jo awer genuch Beispiller vu Leit, déi de Sprong an d'Chamber oder souguer bis an d'Regierung geschafft hunn, an déi awer net onbedéngt aus enger grousser Uertschaft kommen.

Mir als DP kënnen eis jiddefalls op kee Fall mat der Fuerderung vun eise grénge Kolleegen ufrënnen, déi sech fir en eenzege Wahlbezierk hei zu Lëtzebuerg ausgeschwat hunn, esou wéi dat jo um Niveau vun den Europawahlen ass. Och wann eist Land u sech jo nëmmen eng ganz kleng Fläch duerstellt, esou däerf een awer net vergiessen, dass déi eenzel Regiounen dach hir eegen Identitéit hunn. D'Problemer vun der Musel si mat Sécherheet net déiselwecht wéi déi am Süden, an den Zentrum an den Norden hunn och net onbedéngt vill Gemeinsamkeeten. Et kann ee souguer behaapten, dass déi eenzel Regioune sech och um kulturelle Plang ënnerscheeden.

Dernieft kënnt erëm eng Kéier d'Argument vun der Relatioun tëschent dem Bierger an dem Gewielten.

***(Interruptions)***

An déi mécht et natierlech och noutwenneg, dass een déi sougenannten Terrainsaarbecht permanent fleegt. Hätte mer ee Bezierk, da géife mer riskéieren, dass déi direkt Relatioun tëschent Bierger a Gewieltem doduerch géif beaflosst ginn, an dat net onbedéngt zum Virdeel. Dowéinst ass et jiddefalls aus eiser Siicht opportun, dass mer hei am Land un deene véier politesche Bezierker festhalen.

Zu engem Punkt, dee besonnesch an deene leschten Deeg zu villen Diskussiounen Ulass ginn huet, muss een natierlech och Positioun bezéien, an dat ass d'Incompatibilitéit vun dem Mandat vum nationalen Deputéierten a vum Europadeputéierten. Do hale mer jo elo, no enger Rei vun Diskussiounen, um Status quo fest. Dat heescht d'Incompatibilitéit gëtt net am Gesetz verankert, obwuel d'Praxis jo awer do hiert eegent Gesetz schreift.

Mir als DP - an dat wëll ech emol ganz däitlech hei ënnersträichen - si ganz kloer fir eng Incompatibilitéit. Et ass munchmol duergestallt ginn: „D'DP huet sech enthale bei deem Vote", wéi wa mir iergendwéi en faveur wären, dass ee kéint gegebenenfalls déi zwee Mandater gläichzäiteg ausüben. Dat ass alles aneschters wéi richteg.

Allerdéngs hate mir do eng aner Propos ënnerbreet. Mir hate gemengt et sollt een zumindest eng Reflexiounszäit vun dräi Méint aféieren, wou dee Betraffenen d'Méiglechkeet gehat hätt de Choix ze treffen: „Ginn ech an d'Europaparlament oder bleiwen ech hei zu Lëtzebuerg an der Chamber?". Dat virun allem fir et deene Leit ze erlaben - an do soll quasi keng Partei menge si kéint net eng Kéier an d'Situatioun kommen -, déi potenziell Kandidat si fir e Mandat an der Regierung ze kréien, net kuerzfristeg mussen eng Décisioun ze huelen, déi herno dann net onbedéngt déi richteg wier.

Well eben d'Legislativwahlen an d'Europawahlen nach wie vor op engem Dag stattfannen, wier dat e méigleche Kompromëss gewiescht. Deen ass leider net ugeholl ginn. Mir huelen dat zur Kenntnis.

***(Interruptions diverses)***

Allerdéngs wëll ech op eng aner Propos vun der Demokratescher Partei zréckkommen, déi u sech d'Léisung vun dem Problem wier, an dat ass ganz kloer d'Trennung vun den Europawahlen an de Legislativwahlen.

***(Brouhaha général)***

An och do wëll ech drun erënneren, datt schonn d'Lydie Polfer an den Henri Grethen den 11. Mäerz 1999 eng deementspriechend Gesetzespropositioun ënnerbreet haten.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Mir bedaueren, dat soen ech ganz éierlech, datt mir leider kee Konsens konnten an deem Punkt do fannen, well wann zum Beispill d'Chamberwahle géingen am Februar oder am Mäerz stattfannen, da wär schonn e gewëssenen Tri gemaach an da kéint ee sécher sinn, datt déi Kandidaten, déi wëllten e Mandat am Europaparlament ustriewen, dat Mandat och géingen unhuelen, an da géing net dee siwent Gewieltenen op Stroossbuerg goen, well och dat ass alles aneschters wéi gutt.

***(Interruption)***

Ech hunn elo den Numm vergiess. Bei der DP kann ech mech net erënneren, datt jeemools de siwent Gewieltenen op Stroossbuerg gaangen ass.

***(Interruption)***

Vu véier op siwen ass nach e wäite Wee.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här Graas, ech wollt lech just froen, wann d'Wahle géife getrennt ginn, zum Beispill wa se zwee Méint oder sechs Woche vun enee wären?

M. Gusty Graas *(DP)*.- Dat ass ze kuerz.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Bon, loosse mer soen dräi oder véier Méint, mir ass dat egal, mengt Dir da géifen déi Leit, déi an d'Chamber gewielt sinn, net méi op d'Lëscht goe fir an d'Europaparlament? Dat ass meng Fro.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Jo, dat ass eng ganz gutt Fro an eng berechtegt Fro, Här Fayot. Ech sinn awer iwwerzeegt, datt mat Ofstand d'Majoritéit net méi géing dann hir Kandidatur och nach fir an d'Europaparlament stellen. Selbstverständlech ass et net auszeschléissen, datt een oder deen aneren nach seng Kandidatur fir an d'Europaparlament stellt, mä zumindest wären awer emol déi Leit, déi ee Mandat an der Regierung kriten, net gläichzäiteg erëm eng Kéier Kandidat fir d'Europawahlen. Loosse mir eis dach näischt virmaachen. Et ass all Kéiers deeselwechte Ritual. Mir stellen alleguer eis beschte Leit op, gläichzäiteg och fir d'Europawahlen, wat de bonne guerre ass, obwuel mir am Virfeld scho wëssen, datt ganz vill Leit dat Mandat aus enger Rei vun Ursaachen net unhuelen.

Une voix.- Et gëtt mindestens eng Partei heibannen déi der Meenung ass, datt een op zwou getrennte Lëschte soll untrieden.

***(Interruption)***

Elo sinn et der schonn zwou.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här Graas, Dir wësst jo och firwat d'Parteien déiselwecht Leit fir déi zwou Lëschten opstellen? Wéinst dem Panachage, well se d'Zuel vun de Stëmme wëlle maximéieren. Dat ass d'Ursaach.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här Fayot, maacht Dir da Politik fir net de Maximum vun de Stëmmen ze kréien?

***(Hilarité)***

Mir sinn eis jo awer eens heibannen, datt dat do e Punkt ass, deen net ausdiskutéiert ass.

M. le Président.- Mir sinn eis eens, dass mer eis op deem Sujet do net eens sinn, an dofir solle mer mat der Diskussioun vum Projet weiderfueren.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Kann ech dem Här Graas just eng Fro stellen, Här President?

***(Assentiment)***

Här Graas, ech fannen d'Interventioun vum Intérieursminister ganz interessant an och richteg. Mir sinn als Gréng der Meenung, wann hei een Accord géing bestoen a wann all d'Parteie sech géingen drun halen, datt eng Incompatibilitéit géing geschafe gi fir op deenen zwou Lëschten ze kandidéieren, da wäre mir do derfir. Firwat ass Är Partei dann do dergéint?

M. Gusty Graas *(DP)*.- Mir hunn zwou aner Propose gemaach a mir sinn der Meenung...

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Äntwert op meng Fro!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Well mir mengen, dass déi Proposen déi mir gemaach hunn einfach besser sinn.

***(Hilarité)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Dir hutt selwer elo zouginn, datt Är Proposen de Problem eigentlech iwwerhaapt net léisen, well nach ëmmer d'Méiglechkeet besteet fir duebel ze kandidéieren.

***(Interruptions diverses)***

Une voix.- Voilà, da bleiwe mir beim Status quo.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Gréisstendeels géing jiddefalls de Problem duerch eis Propose geléist ginn. Tatsaach ass, datt mir elo de Status quo bäibehalen, mä ech mengen awer, dass den Diskussiounsprozess net soll ofgeschloss sinn.

Et ass jo och de Wonsch vun eis Politiker, datt den Absentéismus esou kleng wéi méiglech soll sinn, a jiddefalls droen d'Neierungen um Niveau vun der Bréifwahl mat Sécherheet dozou bäi, datt sech och elo vläicht méi Leit ugesprach fillen un de Wahlen deel ze huelen, an dofir si jo déi Dispositiounen, déi mir elo do huelen, ze begréissen. Fréier ware se, kann ee soen, ze vill komplizéiert. Mir sinn och der Meenung, datt d'Erofsetze vun dem Délai op 30 Deeg zousätzlech Leit wäert dozou animéieren, fir dann aktiv sech un dem Wahlgeschäft ze bedeelegen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem ganze politesche Prozess hei zu Lëtzebuerg spillen natierlech d'politesch Parteien eng ganz grouss Roll. Ouni si wär de System jiddefalls net ëmsetzbar. Et ass also dach schonn erstaunlech, datt dës Elementer keng ofgeséchert juristesch Basis hunn. Eis Constitutioun kennt jo bis elo d'politesch Parteien net. Am Kontext vun dësem Gesetz solle sech awer elo e puer Gedanken iwwert de Stellewäert an de Fonctionnement vun eisem Parteiesystem gemaach ginn. Virun allem natierlech ass d'Finanzéierung vun de Parteien e ganz wichtegt Element. Wann d'politesch Parteie schonns den Acteur am politesche Liewe sinn an domat jo och zu den Drosaile vun eiser Demokratie gehéieren, dann ass d'Fro berechtegt, ob si net och Urecht op finanziell Ënnerstëtzung vun der Allgemengheet hunn.

Sécher hu mir een éischten Effort an déi Richtung gemaach mam Gesetz iwwert de Remboursement vun de Wahlkampffräen, awer nach si mir ëmmer an der Situatioun datt d'politesch Parteie gréisstendeels duerch eege Finanzmëttele fonctionnéieren. Besonnesch um lokale Plang ass dat nach vill méi de Fall. Wann net déi eenzel engagéiert Lokalpolitiker selwer géinge vill Käschten droen, da kéinten déi

meescht Sektiounen emol guer net fonctionnéieren. Dofir solle mir d'Diskussioun ëm e Parteiefinanzéierungsgesetz net ofbriechen.

An engem Pressecommuniqué vum 23. Oktober 2002 hat meng Partei zu dësem Sujet Stellung bezunn. Am Prinzip si mir fir eng Reglementatioun, wat de Finanzement vun de politesche Parteien ubelaangt, allerdéngs mussen nach Précisioune geschafe ginn, wéi zum Beispill de juristesche Statut, d'Definitioun vun enger Partei, d'Aschreiwe vun de Parteien an eist d'Grondgesetz, déi juristesch Responsabilitéit vun de Membere vun enger Partei, d'Form an déi juristesch Valeur vun der Publicatioun vun hire Konten, a gegebenefalls d'Nimm vun den Donateuren. Mir wëlle jiddefalls an dëser Matière méi Transparenz.

Vläicht ofschléissend nach e Wuert iwwert de Vote électronique. Effektiv huet jo d'Informatik, besonnesch an deene leschten zéng Joer, eng immens Evolutioun matgemaach. Si ass ganz kloer zu engem feste Bestanddeel vun eisem dagdeegleche Liewe ginn. Ech wëll och betounen, datt d'Demokratesch Partei an hirem Positiounspabeier iwwert d'Reform vum Wahlgesetz sech prinzipiell fir de Vote électronique ausgeschwat huet. Mir kënnen eis also och gutt virstellen, datt bei Gemenge-, bei Chamber- respektiv bei Europawahlen dës Form, fir seng Stëmm ofzeginn, kéint applizéiert ginn. Allerdéngs mussen natierlech d'Rahmebedingunge stëmmen. De Moment schéngt eis awer ze fréi ze sinn, fir de Vote électronique allgemeng anzeféieren, an dat aus enger Rei vun Ursaachen:

1. Wéi jo aus der Statistik, an déi gëtt jo awer regelméisseg ugepasst, ervirgeet, sinn nach ze vill Leit net mam Internet familiariséiert. D'Wahle sollen awer fir all Mënsch deeselwechte Charakter hunn.

2. Am administrative Beräich, ech denken zum Beispill un d'Opstelle vu Steiererklärungen, hu mir nach wéineg Erfahrung mat dëser Technologie.

3. Och wann et eng Rei vu Pilotprojeten am Ausland gëtt, zum Beispill der Schwäiz oder der Belsch, esou leien awer nach net genuch Erfahrungswäerter vir.

Ech weisen drop hin, datt zum Beispill an der Belsch de Vote électronique zwar fonctionnéiert huet, mä datt awer gläichzäiteg doduerch nei Problemer entstane sinn an datt och esouguer Plaintë bei Zivilgeriichter agereecht goufen. Da bleift natierlech e wichtegt Element, an dat ass de Facteur „garantie". Et muss kloer gestallt ginn, datt keng Abüe geschéien däerfen. Anescht jiddefalls wéi beim Ausfëlle vu mengem Wahlziedel, deen dann an eng Urn gehäit gëtt, ka beim Vote électronique theoretesch eng Trace bestoe bleiwen, wien dann elo wat gewielt huet. Wann ech bis mäi Vote um PC validéiert hunn, da weess ech natierlech net zu 100% wat um Wee bis zum Ausziele ka geschéien. Da muss natierlech och d'Auszile vun de Stëmmen optimal garantéiert sinn an et däerf zu kenger technescher Pann kommen. Trotzdeem si mir allerdéngs der Meenung, datt ee soll gegebenenfalls déi nächste Kéier bei de Wahlen e Pilotprojet lancéieren, fir ze kucke wat fir eng Erfahrungswäerter mer hei zu Lëtzebuerg kéinten deementspriechend kenne léieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mer stëmmen haut ouni Zweifel e ganz wichtegt Gesetz, wat jo, wéi virdru scho gesot ginn ass, zur Stabilitéit vun eisem Statssystem bäidroe wäert. Dofir sollen och déi kleng Pannen, déi an deene leschten Deeg virkomm sinn, op kee Fall iwwerbewäert ginn. Meng Fraktioun weist sech jiddefalls, wéi ech schonn aganks gesot hunn, ganz zefridde mat dësem Projet de loi. An deem Sënn bréngen ech och d'Zoustëmmung vu menger Partei, wëll awer ofschléissend nach dem Rapporteur, dem Marco Schank, e grousse Merci ausspriche fir säi mëndlechen a säi schréftleche Rapport. En hat et net ëmmer einfach, mä et kann een awer ënnert dem Stréch soen, datt e seng Aarbecht ganz gutt gemaach huet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt trotz allem dem Här Rapporteur ze félicitéiere fir säi Rapport, deen engersäits dat konstruktiivt Resultat vun der Aarbecht vun der Kommissioun aus deenen zeg Sëtzungen erëm ginn huet, mä deen awer anerersäits och dat a sengem Rapport an am Projet mat huet misse virbréngen, wat d'Regierung an deene leschten Deeg an dësem Dossier verbrach huet.

De Problem, deen ech awer hunn, dat ass datt ech net weess wat fir ee vun deene sëlleche Rapporten, déi mer an deene leschten Deeg zougestallt kritt hunn, den Här Rapporteur dann hei virbruecht huet. Ech weess net ob et deen heiten ass, deen do, deen do, deen do oder deen do? Ech weess et net an ech hoffen awer, datt den Här Rapporteur schlussendlech dee richtegen erwëscht huet.

Här President, an de leschte Méint hunn d'Membere vun der Kommissioun sech d'Méi ginn, fir d'Iddie vun hire Fraktiounen op eng konstruktiv Aart a Weis an dëst Gesetz ze integréieren. All nei Proposen, de par et d'autre, sinn an enger objektiver Aart a Weis diskutéiert ginn an och zum Vote gestallt ginn. An enger grousser Rei vun Artikele konnt och eng Eestëmmegkeet fonnt ginn. Bei anere méi prinzipielle Froen huet eben d'Majoritéit, esou wéi dat an enger richteger Demokratie soll sinn, d'lescht Wuert kritt.

D'Oppositioun hat och mat deem demokratesche Prinzip kee Problem an d'Aarbechte goungen trotz widderspréchleche Meenunge gutt virun, bis déi lescht Woch. Nodeem mer gemengt haten d'Aarbechte kënnten an aller Sérénitéit ofgeschloss ginn, huet d'Regierung sech agemëscht. D'Kommissioun war no enger déifgräifender Diskussioun, zum Beispill iwwert de Cumul vun de politesche Mandater, bei zwou Enthalungen zur Konklusioun komm, datt d'Mandat vum EU-Deputéierten an dat vum nationalen Deputéierten net kompatibel wier. Sécherlech ass do deem engen oder anere Regierungsmember e Warnsignal opgaangen, well et mat esou enger Mesure net méi méiglech wier op zwou Hochzäiten ze danzen a jidderee sech vu vir erof hätt missten entscheeden, wou en dann elo hi wëllt.

D'Regierung huet sech net um éischte Votum vun der Kommissioun gestéiert a war sech net ze schued den Innenminister an d'Kommissioun ze delegéieren an dee sollt dofir suergen, datt den Artikel iwwert de Cumul vun den EU-Mandater mat den Nationalen nach eemol sollt ofgestëmmt ginn an dat esou oft, huelen ech un, wär dat geschitt, bis en der Regierung dann endlech an de Krom gepasst hätt, an dat ass jo dann och geschitt.

Den ADR hat de Problem vum Cumul scho länger erkannt an hat sech a senge Wahlprogrammer och schonn dofir agesat, datt d'Europawahlen an eis national Parlamentswahle sollen zäitlech getrennt ginn, wat op jidde Fall d'Saach vill méi kloer gemaach hätt. Mä all Anticumulverbuet vum Mandat huet deenen, déi sech permanent d'Muecht hei am Land deelen a net midd ginn hir Mandatairë mat Posten a Pöstercher bei der Staang ze halen, net an de Krom gepasst an dofir ass deen Dilemma, dee mer elo hei schonn e puer Deeg matmaachen, zustane komm, a mir sinn elo erëm do wou mer virdru waren.

Déi, déi op nationaler- an EU-Lëscht stinn an hei am Land net Minister oder Statssekretär oder soss e Poste kréien, ginn dann eben an d'Fleegeheim op Stroossbuerg.

Et schéngt mer iwwerhaapt wichteg, datt déi Diskussioun, déi an der Kommissioun iwwert de Cumul vun alle politesche Mandater ugeschnidde ginn ass, weider gefouert gëtt, an eng Léisung ugestrieft soll ginn, déi souwuel am Interesse vun de betraffene Politiker, awer besonnesch am Interesse vun de Bierger sollt sinn, déi se ze vertrieden hunn. Nëmme wann een déi néideg Zäit huet fir sech op säi Mandat ze konzentréieren, kann ee sech och effizient am Déngscht vum Bierger asetzen. Dozou gehéiert awer och deen néidege Congé politique, besonnesch fir d'Gemengepolitiker, dee beileiwen net duer geet. Dat scho guer net fir d'Buergermeeschter an d'Schäffen an och net fir d'Gemengeconseilleren. Mä awer och net fir déi Leit, déi sech an de Gemenge permanent an de consultative Gemengekommissiounen asetzen. Och fir déi Leit misst irgendwann eng Léisung gesicht ginn, op wat fir eng Aart a Weis datt déi Leit hire politeschen Asaz am Interesse vum Bierger kënne besser mat hirer Aarbechtzäit an Accord bréngen.

De Problem misst also kuerzfristeg geléist ginn an de Gemengepolitiker misst nach virun den nächste Gemengewahlen op jidde Fall deen néidege Congé politique zougestane ginn.

Fir elo op d'Aarbechte vum Wahlgesetz zréckzekommen, schéngt et mer, wéi wann déi Aart a Weis wéi dës Regierung d'Demokratie versteet eng aner ass wéi déi vun deene Leit, déi wierklech Demokratie-Versteesdemech hunn. Well et ass net fir d'éischt datt mer esou ee lächerlechen Ofstëmmvirfall hunn, wou esou laang ofgestëmmt gëtt bis dat eraus kënnt wat d'Regierung gären hätt. Ech erënneren do un d'Horesca-Gesetz. Do hat Kommissioun vun der Aarbecht och e Passus gestëmmt un Hand vun deem de Salariéën hir Lounfortzahlung sollt garantéiert ginn, an zwar fir déi Rouzäiten, déi hinnen duerch d'Iwwerstonne während der Referenzperiod geschëllt sinn. Dat hat der Regierung ënnert dem Drock vun den Ekonomiesatelliten awer net an de Krom gepasst a si huet versicht dëse Passus nei ofstëmmen ze loossen, fir en erëm aus dem Gesetz eraus ze kréien. Bei der zweeter Ofstëmmung hat d'Regierung awer hir Delegéierten an der Kommissioun sécherlech net richteg gebrieft an esou ass déi zweet Ofstëmmung och positiv zur Propositioun vun der Kommissioun ausgefall. Well awer d'Demokratie hei am Land net kann anescht si wéi dës Regierung se gesäit, ass fir d'drëtt ofgestëmmt ginn an do haten d'Regierungsdeputéierten awer besser opgepasst, esou datt den Artikel, deen d'Kommissioun proposéiert hat fir d'Rechter vum Salariat am Horesca-Secteur besser ofzesécheren, vun der Regierung einfach annuléiert ginn ass. Dat fir nëmmen ze weisen op wat fir eng Aart a Weis datt hei virgaange gëtt. D'Kommissioun hat sech an hirer virechter ordinärer Sëtzung en Timing ginn.

***(Interruptions)***

Ech schwätzen hei just vum Prinzip wéi d'Regierung virgeet. Loosst mer d'Leit dobaussen entscheede wat se hale vun der Aart a Weis wéi Dir hei virgitt. Dat wëll ech lech soen.

D'Kommissioun hat sech an hirer virechter ordinärer Sëtzung en Timing ginn, fir dëse Projet de loi fristgerecht iwwert d'Bühn ze kréien, fir datt dat neit Gesetz kënnt alle Wieler, besonnesch deenen neien Net-Lëtzebuerger Wieler, fristgerecht zegutt kommen. Nom Timing, deen d'Kommissioun sech eestëmmeg gesat hat, sollten den 12. an de 14. Februar nach zwou Sëtzunge stattfannen, fir den Text vum Projet ze feilen, de Rapport ze preparéieren a schlussendlech de 25. Februar dat Gesetz hei zur Ofstëmmung ze bréngen. Dës Prozedur war zwar zum Schluss knapp bemiess, mä hätt awer kënne problemlos iwwert d'Bühn goen, esou wéi dat mer vu Leit, déi sech an där Matière auskennen, confirméiert ginn ass.

Do huet awer alt erëm eng Kéier d'Regierung sech agemëscht an déi ganz Prozedur op d'Kopp gehäit. An der Presidentekonferenz vum leschten Donneschdeg hu se de Projet fir haut op den Ordre du jour gesat a fir de leschte Méindeg eng Kommissiounssëtzung aberuff. Duerch dës kuerzfristeg Initiativ war et kloer, datt déi Sëtzung net allze gutt besicht war an et war och nëmmen eng knapp Majoritéit déi dee Rapport, deen zu deem Moment virlouch, ofgestëmmt huet, well et war och nach net deen definitiven.

Mä net nëmmen dat, de Rapport, deen an der Sëtzung presentéiert gouf, war iwwert de Weekend an enger Nuets- an Niwwelaktioun de Kommissiounsmemberen zougestallt ginn, an dat gläich véiermol hannerteneen, well en an enger Chaosaktioun huet misse rédigéiert ginn Dat soll awer beileiwe kee Reproche un d'Beamte sinn, well och déi hu misse leiden an Iwwerstonne schaffen. Mä et ass einfach d'Schold vun enger Regierung, déi de Buedem ënnert de Féiss verluer huet. Et ass kloer, datt dës onseriös an ondemokratesch Virgoensweis net konnt esou einfach akzeptéiert ginn, an esou ass gëschter en Antrag vun der grénger Fraktioun abruecht ginn, fir de Projet vum Ordre du jour ze huelen an op de 25. Februar ze reportéieren, esou wéi dat vun der Kommissioun virgesi war. D'Regierung huet awer mat deeneselwechte lächerlechen Argumenter gëschter hei operéiert wéi an der Kommissioun an huet dee méi wéi berechtegten Antrag einfach verworf.

Här President, wien elo geduecht hat mir wieren um Schluss vun där Comédie burlesque do ukomm, deen hat awer d'Rechnung ouni d'Komiker aus der Regie gemaach. Gëschter Mëtteg ass fir gëschter Owend um sechs Auer eng weider Sëtzung aberuff ginn.

Här President, ech hunn, wéi ech hei an d'Parlament komm sinn, eng Broschür zougestallt kritt, fir mer ze erkläre wéi déi parlamentaresch Aarbecht hei am Parlament reglementéiert ass, an esouwuel der Majoritéit wéi der Oppositioun e bëssen Disziplin sollt operleeën. An dëser Broschür ass zum Beispill am Artikel 19 festgehalen, datt d'Kommissiounssëtzunge missten dräi Deeg am Viraus ageruff ginn an net nëmmen dräi Stonnen, esou wéi dat gëschter de Fall war. Dat heescht also, datt déi Sitzung vu gëschter laut eisem Reglement illegal war.

Une voix.- Aha!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Dofir hunn den ADR an och DÉI GRÉNG iwwregens an dëser Sitzung u kenger Ofstëmmung deelgeholl. Dorëms ass et nämlech gaang. D'Regierung hat alt erëm eng Kéier e puer Artikele fir ze rektifizéiere fonnt. Dee wichtegsten dovunner war deen, datt bei der Presidentschaft vum Wahlbüro bei de Wahlen, no der Propos vun der Kommissioun, och e Sekretär aus enger anerer Gemeng konnt de Virsëtz an engem Wahlbüro kréien, wou hien net Wieler war. Dat war nom ursprüngleche Gesetz vun 1924 och méiglech, mä dat war awer am reforméierte Regierungstext eraus-geholl ginn.

D'Kommissioun wollt, besonnesch fir deene klenge Gemengen d'Wahlgeschäft ze vereinfachen, déi ursprünglech Versioun erëm aféieren. Dat wier awer en Amendement ginn, dat hätt missen duerch de Statsrot goen. Dat wier och nach duergaangen, wann der Kommissioun hiren Timing vum 25. Februar respektéiert gi wier, mä duerch déi Chaosaktioun vun der Regierung, fir d'Gesetz haut ze stëmmen, war dat net méi méiglech. Dat war d'Argument vun der Regierung fir iwwert deen Artikel nach eemol ofstëmmen ze loossen an en ze verwerfen.

Den ADR hat d'Propositioun gemaach fir d'nächst Woch en Donneschden, wou jo eng ausseruerdentlech Sëtzung iwwert d'Situatioun am Irak soll aberuff ginn, d'Wahlgesetz mat op déi Dagesuerdnung ze setzen. Dann hätte mer Zäit gehat den Text nach eemol an aller Rou ze iwwerschaffen, zumools wou nach d'Formulairen iwwert d'Kompositioun vun de Wahlbüroen net dem Text vum Projet de loi entsprach hunn an nach revidéiert misste ginn.

Wa mer et also zouloossen, dass fir den Thema Irak, wou gëschter alles gesot ginn ass an d'Positioune kloer sinn a wou ech mer net ka virstellen, datt nach vill Substanzielles aus enger weiderer Diskussioun kënnt ervirkommen, d'nächst Woch an der Vakanz eng Sëtzung kann ageruff ginn, da misst et och méiglech sinn esou e wichtege Projet wéi d'Wahlgesetz op deen Dag kënnen ze verleeën.

Mä dës Regierung huet sech allen objektiven a begrënnten Argumenter, fir d'Wahlgesetzdiskussioun ze verschieben, verschloss. A se war sech och gëschter net ze schued fir mam CSV-Fraktiounschef hire Rhethorikfiligrantechniker an d'Kommissioun ze schécken, fir datt hir Kommissiounsdeputéierten net erëm eng Kéier hätten eng fléie loosse kënnen.

Une voix.- Den Oppasser.

***(Interruption)***

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Bonjour, Här Weiler.

***(Hilarité)***

D'Regierungsdiktat huet erëm voll zougeschloen. Dem ADR seng Propos fir d'Wahlgesetz ëm eng Woch ze verschieben, fir déi néideg Zäit ze fannen d'Texter nach eng Kéier a Rou ze rédigéieren, ass verworf ginn.

Här President, dës Introductioun huet misse si fir ze demonstréieren op wat fir eng lamentabel Aart a Weis dës Regierung eng méintelaang konstruktiv Zesummenaarbecht vun enger gudder Kommissioun innerhalb vun e puer Deeg mat hirem despotesche Virgoen zerstéiert huet.

***(Interruption)***

Et freet ee sech wierklech, ob et nach Sënn huet fir an de Kommissioune matzeschaffen. Wann d'Regierung net un enger konstruktiver Zesummenaarbecht interesséiert ass, da soll se hir Gesetzesprojeten eleng rédigéieren an der Chamber einfach virleeën. Da kënnte mer d'Kommissiounen ofschafen, eis vill Energie a Streidereien erspueren an dem Steierzueler och vill Suen. No der Aart a Weis wéi dës Regierung virgaangen ass, hätt ee kënnen Angscht hunn, dass se eis en Artikel vum Wahlgesetz ënnergejubelt hätt, anhand vun deem am Juni d'nächst Joer esou laang misst gewielt gi bis dat Wahlresultat erauskéim wat dëser Regierung an de Krom passt.

***(Hilarité)***

Mä et ass awer glécklecherweis - ech konnt dat de Moien nach noliesen - eis näischt esou am Gesetz ënnergejubelt ginn. Wat awer bleiwe wäert ass de battere Bäigeschmaach, datt deen am Koalitiounsprogramm versprachenen Dialog sech a Wierklechkeet ëmmer méi zu engem diktatoresche Monolog entwéckelt.

***(Interruption)***

Wann een eng Koalitioun ageet, Här Weiler, dann iwwerhëlt ee jo awer och zum Deel dat wat säi Koalitiounspartner mat an de Koalitiounsprogramm erabréngt, géif ech mengen, quitte dass dat bei lech keng grouss Roll spillt. Ech mengen Dir sidd nach mat all Koalitiounspartner gutt eens ginn, mä trotzdeem.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Dat ass, well mer fein sinn.

Une voix.- Si hunn een nom aneren ugeschmiert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Jo, et gëtt keen, deen esou e Verschläiss u Koalitiounspartner huet wéi d'CSV.

***(Hilarité)***

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Dir hutt net ganz vill Respekt virum Wieler. Dat muss een awer hei feststellen.

***(Interruptions)***

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Datt awer trotz allem an der Kommissioun konstruktiv zesummegeschafft ginn ass, beweisen awer schlussendlech déi 346 Artikelen, déi dëst Gesetz ausmaachen, déi zum gréissten Deel...

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Elo fänkt den Här Jaerling erëm un objektiv ze ginn.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech war déi ganzen Zäit nach objektiv.

***(Interruption)***

Här Weiler, an deem, wat ech elo virbruecht hunn, war net ee Wuert Polemik,...

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här Klein, ech hu ganz genee héiere wat Dir gesot hutt. Ech ginn herno dorobber an.

***(Brouhaha général)***

M. Aly Jaerling *(ADR).*- ...net ee Wuert Demagogie, et war eng reng Revue vun deem wat effektiv stattfonnt huet.

Diskussioune gouf et bei enger Rei vun Artikelen, wou d'Meenungen auserneegaange sinn. D'Wahlpflicht war eent vun deenen Themen, wou länger Diskussiounen entstane sinn: Solle mer d'Wahlpflicht bäibehalen oder solle mer e wierklecht Wahlrecht aféieren? De Problem, dee sech stellt, läit bei der Differenz tëschent de Lëtzebuerger an den Net-Lëtzebuerger Wieler. De Lëtzebuerger Wieler gëtt d'office an d'Wielerlëschten ageschriwwen. Den Net-Lëtzebuerger kann dat op fräiwëlleger Basis maachen. Wann hie sech awer bis ageschriwwen huet, huet hie genau wéi de Lëtzebuerger d'Wahlpflicht. D'Kommissioun huet sech majoritaire fir de Status quo ausgeschwat an och den ADR ass der Meenung, datt een näischt un dëser Situatioun ännere sollt.

Mir wäerten awer kuerz- oder laangfristeg net derlaanscht kommen, fir nach eemol déifgräifend Diskussiounen iwwert dat Thema ze féieren, wa mer wierklech en Europa wëllen an deem all Bierger, deen hei lieft, déiselwecht Rechter a Pflichten huet, wat onbedéngt wichteg ass, zumools sech elo all Bierger, also och Net-EU-Bierger, sech kënne bei de Gemengewahlen aschreiwen, wat e wichtege Schrëtt a Richtung Matbestëmmung fir all Bierger ass.

Här President, Diskussioune gouf et och am Zesummenhang mam Panachage, wou d'Meenung opkomm ass, dass de Panachage sech misst op zwou Lëschte beschränken oder eventuell ganz ofgeschaaft ginn. D'Kommissioun war hei majoritaire der Meenung, datt een um bestehende System vum Panachage näischt ännere sollt. Den ADR ass och dëser Meenung, well dem Wieler muss d'Méiglechkeet gelooss ginn énnert alle Kandidate kënne fräi ze wielen.

D'Limitatioun vum Panachage op nëmmen zwou Lëschten oder dat ganzt Ofschafe vum Panachage géif dem Wieler seng effektiv Matbestëmmung bei der Persounewahl drastesch aschränken a géif de Parteien eleng d'Méiglechkeet iwwerloossen ze décidéiere wien dann elo e Mandat kritt a wien net. D'Mandatsträger wieren domadder erpressbar an d'Diktat vun de Parteie vis-à-vis vun hiren Delegéierte géif nach méi drockvoll ginn.

Här President, eent vun deene méi haart diskutéierten Theme war déi gefuerdert Quoteregelung. Déi sollt d'Gläichheet tëschent Mann a Fra an der Politik bei der Opstellung vun de Wielerlëschten a bei der Opdeelung vun de Mandater garantéieren.

Esou eng ondemokratesch Fuerderung kann op kee Fall vum ADR matgedroe ginn. Den ADR ass zwar derfir datt d'Fraen déiselwecht Rechter sollen hu wéi d'Männer, mä awer och déiselwecht Pflichten. De Fraen d'office d'Halschent vun de Kandidateplazen ze garantéiere wier eng Diskriminéierung vu ville kompetente Männer.

***(Brouhaha général)***

Eng Fra, déi politesch Ambitiounen huet, soll duerch hir Kompetenz ënner Beweis stellen, dass se och fäeg ass hir Fra ze stoen.

Et si Lëschte ginn déi paritéitesch besat waren an op deenen trotzdeem keng Fra gewielt ginn ass, obwuel déi wahlberechtegt Fraen hei am Land d'Majoritéit hunn. Wann also d'Fraen nëmme géife Kandidatinne wiele well se Frae sinn, da géif hei an der Chamber kee Mann sëtzen. Dat ass de beschte Beweis dofir, datt och d'Fraen net nom Geschlecht, mä no Kompetenz wielen, an dat ass richteg esou. Dat ass de Beweis, datt d'Frae sech net vun extremisteschen an ondemokratesche Fuerderungen ierleede loossen. Demokratie heescht jiddferengem déiselwecht Chancen ze loossen. Geschlechtlechen oder soss iergendwelleche Favoritismus ass ondemokratesch.

Den ADR setzt sech dofir an, dass d'Chamber muss e Spigelbild vun der Bevölkerung ginn an datt all d'Beruffstänn sollen dra vertruede sinn an net wéi säit Jorzéngten ee Secteur prédominant ass.

Une voix.- Wéi een dann?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- De Secteur public.

Une voix.- Dat ass jo net richteg.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- An dobäi spillt et keng Roll, ob dat Fraen oder Männer sinn. Kompetent musse se sinn a bereet sinn hiren Individualismus an hir Energie an den Déngscht vum Bierger ze stellen.

Här President, d'Aféiere vun den elektronesche Moyenen, fir d'Wahlgeschäft ze erliichteren, ass eng Méiglechkeet laanscht déi ee sécherlech an Zukunft net wäert kommen. Esou Neierunge sollt een awer eréischt asetze wa sécher ass, dass se och fiabel sinn. Dat si se awer nach net onbedéngt, wann een d'Resultater aus dem Ausland analyséiert, an déi Problemer déi domat entstane sinn. D'Kommissioun huet scho richteg décidéiert beim aktuellen a bewährte System ze bleiwen, esou laang wéi näischt Fiables am Elektronikberäich méiglech ass.

Här President, et gouf och nach eng Diskussioun engersäits iwwert d'Opdeelung vun de Mandater pro Bezierk an anerersäits och eng Fuerderung fir aus dem ganze Land nach just ee Wahlbezierk ze maachen.

Ee Wahlbezierk hätt schonn eng Rei Virdeeler, besonnesch fir déi kleng Parteien, mä géif awer och derzou féieren, datt sech d'Mandater kënnten op eng Regioun vum Land konzentréieren an déi aner Regioune vum Land guer net vertruede wieren.

Dofir ass et scho wichteg, datt déi proportional Opdeelung vun de Mandater op véier Bezierker bestoe bleift, well dës Opdeelung derzou bäidréit, datt d'Chamber och e regionaalt Spigelbild vum Vollek ass.

Wat d'Gemidder e bëssen erhëtzt huet, war d'Fuerderung esouwuel vum Erop- wéi vum Erofsetze vum Wahlalter. Den héchste wahlflichtegen Alter gëtt vu 70 op 75 Joer eropgesat, mat der Begrënnung datt d'Liewensduerchschnëttserwaardungen ëmmer méi héich ginn. Den ADR kann dës Approche deelen an huet och kee Problem mat dëser Eropsetzung vum Wahlalter.

Wat d'Erofsetze vum passive Wahlalter op 18 Joer ubelaangt, ass den ADR averstanen, well doduerch dat passiivt Wahlrecht mat deem aktiven op een Alter gläichgestallt gëtt. Wat d'Erofsetze vum Wahlalter op 16 Joer ubelaangt, kann den ADR esou eng Fuerderung net droen. Och d'Majoritéit vun der Kommissioun huet sech géint esou eng Iddi ausgeschwat. Fir esou eng Neierung anzeféieren, un där jo net nëmmen d'Wahlberechtegung drun hänkt mä och d'Grousséhregkeet, an domadder d'Verantwortung fir seng eegen Akten an och eng ganz Rei aner Saachen, beduerf et fir den ADR enger déifgräifender Diskussioun, déi awer de Kader vum Wahlgesetz géif sprengen.

Eng weider Diskussioun war d'Berechtegung vun der Opstellung vu Wahllëschten. Ursprünglech si 25 Ënnerschréften duergaange fir kënnen eng Lëscht bei de Gemengewahlen opzestellen. De Projet vun der Regierung hat 100 Ënnerschréfte virgesinn, wat einfach ze vill an och onsënneg ass. D'Argument fir domadder ze verhënneren, datt sech minuscule Gruppementer mat onvollstännege Lëschte bei de Gemengewahle kënnte presentéieren, ass net nëmme lächerlech mä och ondemokratesch.

De Statsrot hat sech deem och widdersat a festgehalen, datt den initialen Text sollt bäibehale ginn an datt 25 Ënnerschréfte sollten duergoe fir eng Lëscht ze presentéieren.

De Statsrot huet sech och dergéint verwiert, datt eng Ënnerschrëft vun engem Deputéierten oder engem Gemengeconseiller méi wäert soll si wéi engem anere Bierger seng. Ech kann de Statsrot doran nëmmen ënnerstëtzen. Wéisou sollen déi etabléiert Parteie bei der Opstellung vun de Wahllëschte méi Privilegien hu wéi Gruppementer, déi nei derbäi wëlle kommen? Jiddferengem mussen an enger Demokratie déiselwecht Rechter zougestane ginn, an et kann net sinn datt d'Minoritéite vu virerof gesetzlech diskriminéiert ginn. Firwat soll den etabléierte Parteien d'Recht zougestane ginn, eng Lëscht kënne mat der Ënnerschrëft vun engem Gemengeconseiller, respektiv vun engem Deputéierten ze deponéieren, während aner Gruppementer 50 respektiv 100 Ënnerschréfte musse virweisen, esou wéi dat elo am Projet virgesinn ass? Jiddferee soll gläich behandelt ginn, an dat soll net nëmme fir d'Opstelle vun de Wahllëschte gëllen, mä och fir d'Wahlfinanzéierung an d'Parteiefinanzéierung, déi jo awer solle sonner behandelt ginn.

Demokratie ass eppes Absolutes an duerf net an Tranchë geschnidde ginn. Et duerf scho guer net esou sinn datt déi, déi un der Muecht sinn, sech fir d'éischt déi décksten Tranchen ofschneiden a fir anerer nach just Grimmele bleiwen.

Här President, datt bei gläicher Stëmmenzuel nom Ausziele vun de Lëschten en Tirage au sort soll virgeholl ginn, domadder huet den ADR kee Problem. D'Diskussioun, ob de Jéngsten oder deen Eelste soll d'Prioritéit kréien, ass domat aus der Welt geschaaft, och wann den Tirage au sort grad esou ongerecht schéngt wéi dat anert. Dem Hasard et ze iwwerloossen, wien dann elo d'Vollek soll vertrieden, ass net ganz glécklech, awer méi eng optimal Léisung gëtt et an dësem Fall net, ausser et géif een déi betreffend Kandidaten engem Test ënnerzéien. Da misst ee sech nach just froen, wat fir een Test een hinne soll operleeën.

Wat elo d'Ofschafe vun de Wahlsektioune bei de Majorzgemengen ubelaangt, esou kënnt den ADR domat d'accord si wann Iwwergangsbestëmmungen dës Mesure géife begleeden. De Wahlmodell fir iwwert e puer Sektiounen an enger Gemeng ze fueren ass doduerch gerecht, well en eng proportional Vertriedung vun de Gemengen am Gemengerot viséiert. Et ass leider awer oft esou, datt an deene klenge Sektioune Schwieregkeete besti fir Kandidaten ze fannen, während déi gréisser Sektiounen en Iwwerfloss u Kandidaten hunn.

Den Artikel 147 vum aktuelle Wahlgesetz gesäit ënner bestëmmte Bedingunge schonn d'Méiglechkeet vir, datt sech kënne kleng Sektiounen zu enger Wahlsektioun zesummeschléissen. Et hunn awer während deene leschte Joren net vill Gemenge vun dëser Méiglechkeet Gebrauch gemaach, trotzdeem et oft u Kandidate gefeelt huet.

Den ADR ass dofir och der Meenung, datt eng eenzeg Wahlsektioun méi favorabel wier. Mir verschléissen eis och net dem Ofschafe vun de Sektiounen, sous condition datt awer seriös Iwwergangsphase geschafe ginn.

Bei de Gemengewahlen huet sech och d'Fro gestallt, ob bei de Gemengen, déi nom majoritairë Wahlsystem operéieren, den zweeten Tour soll ofgeschaaft ginn oder erhale bleiwen. Den ADR war net d'accord mam Ofschafe vum zweeten Tour, well esou eng Mesure géif nämlech d'Ofschafe vun der absoluter Majoritéit bedeiten a Komplementarwahlen all Kéiers provozéieren, wann e Poste géif zur Verfügung stoen. Et muss awer garantéiert bleiwen, datt de Gemengerot vun enger Majoritéit vun de Wieler gedroe gëtt. D'Ofschafe vun der absoluter Majoritéit géif schlussendlech beweisen, datt een Deel vun de Conseillerë vu manner wéi 50% vun de Wieler ënnerstëtzt gëtt. D'Ännerungen an de Reie vun der Majoritéit sollen awer dem Wieler virbehale ginn. Wann also d'Ofschafe vun deene Sektiounen, wéi et elo am Gesetz virgesinn ass, geschitt, an och am Gesetz virgesinn ass datt e Compromis do ass, datt am Zesummenhang mat enger Vakanz vu Poste Komplementarwahle stattfannen an datt de Gemengerot ka Komplementarwahlen ausschreiwen, an et net esou ass datt einfach den nächsten norutscht. Den ADR ka mat dëser Propositioun schlussendlech d'accord sinn.

Zefridde si mer als ADR, datt d'Mandat vun den nei gewielte Gemengeréit deen Dag a Kraaft trëtt, wou deen neie Gemengerot sech konstituéiert huet, an net eréischt den 1. Januar vum Joer no de Wahlen. Ech mengen, dat war och eng vun de Fuerderunge vum ADR.

Mir hu mat dësem Gesetz elo e weidere klenge Schrëtt a Richtung richteg demokratesch Matbestëmmung gemaach, an ech hoffen datt mer iergendwann eng Kéier op dësem Wee weiderfuere bis mer eng optimal Matbestëmmung hunn. Dozou gehéiert natierlech och e Referendum. D'Diskussioun iwwert de Referendum ass am Kader vun dësem Wahlgesetz net intensiv gefouert ginn a soll och an engem anere Kader weider gefouert ginn.

Ech mengen, déi direkt Demokratie ass awer och eent vun deene wichtegsten Elementer vun enger Demokratie an et duerf net esou sinn, datt mer elo weider fueren an de Wieler nëmmen all sechs Joer respektiv all fënnef Joer eng Kéier un dëser representativer Demokratie matbestëmme loossen. De Wieler muss och an essentielle Froe matbestëmme kënnen. Där Froe kommen der an nächster Zäit jo nach genuch op eis zou. Ech schwätze vun Europa, dem Konvent, an ech weess net wat fir eng wichteg national Froen nach. Mir brauchen dofir onbedéngt en Instrument wéi de Referendum, an et gëtt héich Zäit datt déi Proposition de loi, déi den ADR iwwert de Referendum virgeluecht huet, eng Kéier zur Diskussioun kënnt, fir datt mer och an deem Beräich vun der direkter Demokratie eise Bierger een effektiivt Matsproochrecht ginn.

Här President, dat Gesetz hei huet vill Krempes kascht, an de leschten Deeg zemools. Et huet awer duerch déi gutt Aarbecht vun der Kommissioun insgesamt en Ofschlag fonnt, deen allgemeng vertrietbar ass, an dofir ass et dann och kloer, datt trotz allem wat hei elo un deem Gesetz ze beanstanden ass, den ADR awer dëst Gesetz wäert stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, esouwuel am Exposé des motifs wéi am Rapport vum Rapporteur steet ze liesen, d'Loi électorale wier: „ Le garant de la démocratie“. Abee zënter dem 5. Februar bréngen d'Majoritéitsdeputéierten am beschten dëst Gesetz net méi a Verbindung mat deem Begréff, well dat wat an der leschter Woch geschitt ass huet näischt méi mat Demokratie ze dinn. Wat zënter dem leschte Mëttwoch hei iwwert d'Bühn gaangen ass, dat ass enger Demokratie onwürdeg.

Dobäi war bis dohinner alles eigentlech relativ gutt verlaf. An zéng Sitzungen hunn d'Membere vun der Kommissioun déi ganz komplex Matière an engem konstruktive Klima duerchgeholl. Mer waren eis, wat de Fong ubelaangt, bei ganz ville Punkte wierklech guer net eens, awer ech mengen, iwwert d'Form war näischt auszesetzen. De President huet d'Diskussioune fair geleet a se waren absolut korrekt.

Déi Gréng haten iwwer 40 Amendementer erabruecht. Déi sinn eng Kéier prinzipiell diskutéiert ginn, duerno esouguer am Detail. De 14. Januar hu mer och ofgestëmmt iwwert déi Amendementer an och iwwer eng Rei, déi vun der Majoritéit erabruecht gi waren.

An tatsächlech koum et dunn de 14. Januar zu erstaunleche Resultater. Mir haten déi Propos erabruecht, dass mer eppes, wat eigentlech scho vun alle Parteie méi oder wéiniger praktizéiert gëtt, wat jo och deemnächst - an duerfir ass dee ganzen Incident esou lächerlech - opgrond vun enger EU-Direktiv souwéisou muss an d'Lëtzebuerger Législatioun ëmgesat ginn, nämlech dass een net ka gläichzäiteg EU-Deputéierte sinn an National-Deputéierten. Dat hate mir als Amendement vun deene Gréngen erabruecht. Wéi ofgestëmmt ginn ass, ass eng Majoritéit CSV/Déi Gréng/LSAP zustane komm mat zwou Enthalunge vun der DP. Ech mengen den ADR war deemools net do.

Ähnleches ass geschitt. Mir haten eng Rei Amendementer erabruecht, fir dass esouwuel op de Wielerlëschte wéi op de Kandida-

telëschte sollt d'Geschlecht vun de Kandidaten a Kandidatinnen, vun de Wieler a Wielerinnen derbäi gesat ginn. Dat ass emol keng schrecklech wäitféierend fraepolitesch Mesure, mä et war virun allem geduecht, dass et sollt méiglech sinn nozevollzéie wivill Fraen a Männer da Wieler a Wielerin wieren, wivill Kandidaten an esou weider an esou fort, an et huet eis och net ageliicht, an et liicht eis haut och nach net an, wa bei all deene Lëschte geschriwwe gëtt wou dee Mënsch gebuer ass, da misst ee jo och kënnen derbäi schreiwen ob et e Mann oder eng Fra ass.

***(Interruptions)***

Mä wann Dir dem Här Bausch an der Conférence des Présidents gesot hätt, wat wierklech ofgestëmmt ginn ass an der Kommissioun, dann hätt den Här Bausch kee Problem gehat. Dir hutt dem Här Bausch just net d'Wourecht gesot. Dir hutt gesot, d'Kommissioun hätt gestëmmt mir géifen „M" oder „F" hannert d'Kandidate setzen. Dat hu mir net gestëmmt, Här Weiler. Dat hu mir net gestëmmt. Mir hu just gesot, de Sexe géing indikéiert ginn.

Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass bis zu engem gewëssenen Datum ëmmer op de Wielerlëschte stong: Madame XY, Monsieur XY. Net méi an net manner wollte mir hunn an net méi an net manner huet d'Kommissioun ofgestëmmt gehat, an domat hätt den Här Bausch och kee Problem gehat.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Bei de Kandidate gesäit een ob et e Mann oder eng Fra ass.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Bei deem Vote, Här President, war folgend Majoritéit zesummekomm. D'CSV hat mat deene Grénge gestëmmt an d'DP mat der LSAP. Deen aneren Dag huet de President dës Amendementer schréftlech niddergehalen an un de Statsrot geschéckt. Ech hu mech och wierklech gefreet iwwert dës Ofstëmmung, net nëmme well zumindest vun deenen iwwer 40 Amendementer, déi mer eragerecht haten, der e puer duerchgaange waren, mä wëll ech mer geduecht hunn, hei kuck, et ass awer nach méiglech dass dës Demokratie ganz e bësse funktionéiert, et ass nach méiglech dass zumindest bei klengen Detailer vu gewësse Projets de loi emol eng Kéier eng Majoritéitspartei mat enger Oppositiounspartei ka stëmmen an domat liicht Ännerungen an engem Text nach méiglech sinn.

Well ech dat och gutt fonnt hunn, sinn ech net, wéi een dat hätt kënne maachen, wéi vläicht aner Leit et gemaach hunn, no der Sitzung an eise Fraktiounsbüro gaangen an hu séier e Pressecommuniqué opgesat, nom Motto « Zoff an der Koalitioun » oder en aneren Titel, well ech mer geduecht hunn, dat do ass awer e flott Beispill dass nach munches méiglech ass.

Mä ech hat awer leider, Här President, d'Rechnung ouni de Wiert gemaach. An deen ass du ganz séier op d'Tapéit komm a Form vun enger Dräifaltegkeet, nämlech den Innenminister Wolter kombinéiert mat den zwee Fraktiounschefen.

De 4. Februar ass den Innenminister an eng Sitzung vun der Intérieurskommissioun erageplatzt an huet net laang gefaxt, sech d'Wuert gefrot.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dat do ass jo e richtege Krimi!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Jo, en huet net laang gefaxt, sech d'Wuert gefrot an d'Majoritéitsdeputéierten ultimativ opgefuerdert déi Voten iwwert déi do Amendementer nach eng Kéier frësch ze huelen, an och senge Komeroden a Komerodinnen aus der Majoritéit un d'Häerz geluecht sech wierklech un d'Disziplin vun der Regierung an der Majoritéit ze halen.

Dir kënnt Iech virstellen, dass et dunn net méi ganz schwéier war. Du war et séier eriwwer mat der Demokratie. Du war et séier eriwwer mat neie Majoritéiten an där Kommissioun, a sämtlech Majoritéitsdeputéierten hu getrei dem Fraktiounszwang mam Kapp gewénkt an du war dat Thema eriwwer.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Dat ass awer net dat, wat den Här Graas elo just hei gesot huet.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Jo, ech hunn awer Zeien, Här Fayot.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass och net dat wat den Här Schank am Télécran geschriwwen huet.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Dat war leider de Pech. Leider brauch besonnesch eng Wochenzeitung e puer Deeg fir gedréckt ze ginn an domat war natierlech de President vun der Kommissioun deen Éischten, deen en porte-à-faux stong, well e moies nach awer relativ zouversichtlech war, dass deen Amendement do géing duerchgoen an dat och schwaarz op wäiss an enger der CSV nostoender Wochenzeitung stoung. Mëttes hat d'Realitéit de President a Rapporteur iwwerholl. Béis Zongen hunn elo an de Kulisse behaapt, en hätt sech bis op d'Schanke blaméiert gehat mat där doter Ausso.

Här President, Spaass bäi Säit. Ech fannen dat wat do geschitt ass an där Kommissioun wierklech e staarkt Stéck, emol net wéinst dem Fong, well wa mer éierlech sinn, wéi gesot déi Amendementer, déi hätten dëst Wahlgesetz weder no lénks nach no riets fundamental geännert. Mä ech fannen et wierklech eng onerhéiert Amëschung vun der Exekutiv an déi legislativ Aarbecht. Dat doten, Här President, ass déi definitiv Ofdankung vum Parlament. Dat do ass d'Ofschafung,…

***(Interruptions)***

…Här Huss, vun der Gewaltentrennung zu Lëtzebuerg. Hei brauche mer net méi vun dräi Gewalten ze schwätzen. Hei ass eng ofgeschaaft ginn a wann et nach enges Beispill gebraucht huet, dann hu mer dat virun enger Woch virgefouert kritt. Hei huet e Regierungsmember de Majoritéitsdeputéierten e Maulkuerf ugedoen an d'Aarbecht vun der Oppositioun ad absurdum gefouert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Dat ass net wouer, wat Dir behaapt!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Dach, Här Weiler. Ech mengen net, dass Dir an där Sitzung do waart. Ech hunn x Zeien déi mir kënne soen, dass dat wat ech elo hei gezielt hunn net méi an net manner ass wéi d'Wourecht, dass et esou gaangen ass.

***(Interruptions)***

Här Weiler, ech hu kee Problem de Verbatim ze huele vun där Sitzung. Ech hoffen, dass déi Kassett nach do ass fir dem Lëtzebuerger Land virzespille wéi dat do vir sech gaangen ass. Domat hunn ech iwwerhaapt kee Problem. Ech mengen awer, dass Dir an Är Majoritéit bei deem Szenario relativ schlecht ewech kéimt. Well da géif sech emol erausstellen, wat dëst Parlament nach zegutt huet a wat besonnesch d'Majoritéitsdeputéierten, wou hei esou drop gehale gëtt vum Här Graas, dass d'Leit solle kënnen de Choix hu wie se wielen a wéi eng Deputéierte wéi eng Iddi vertrieden. Ech stelle just hei fest, hei sinn nach zwee Leit an der Majoritéit déi décidéieren, éischtens wéi dës Chamber fonctionnéiert an zweetens wéi déi jeeweileg Leit ofzestëmmen hunn, dat sinn déi zwee Fraktiounschefen. Wann d'Leit dat do emol géife live und in Farbe erliewen, ech mengen da wiere mer net méi esou séier bereet fir ze soen, d'Leit hätten onbedéngt gären de Panachage, well d'Leit géinge ganz schnell feststellen dass et relativ egal ass wien, zumindest an de Majoritéitsreien, hei sëtzt. Wann et haart op haart geet, da sinn et souwisou déi zwee Fraktiounschefen déi décidéiere wat hei geschitt.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Dat sinn alles onofhängeg Personalitéiten, déi selwer jugéieren an net op eng Partei waarden.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Mä, Här President, domat war et nach net gedoen, well d'Majoritéitsdeputéierten hunn eng zweete Kéier d'Hand forcéiert kritt, dës Kéier vun hiren zwee Fraktiounschefen. Mir haten de 5. Februar eng Prozedur festgehalen, wéi mer dëst Gesetz géingen zu engem gudden Enn bréngen. Ech brauch déi ganz Geschicht, wat duerno geschitt ass, net méi am Detail ze erklären. Den Här Jaerling huet dat scho gemaach. Ech sinn net esou dacks d'accord mat deem wat den ADR seet. Hei sinn ech awer emol eng Kéier mat him d'accord fir ze soen, dass och dat eigentlech skandaléis ass wat do geschitt ass, wann ee kuckt wivill Rapporte mer hei an deene leschten aacht Deeg op den Dësch geluecht kritt hunn. Dat ass wierklech Guinness-rekordverdächteg, an ech sinn nach bal zouversiichtlech, wann ech dat esou muss soen, dass nawell Gaffen dra sinn, well et einfach net méiglech ass an esou enger Hetz, an esou enger Panik e Gesetz mat 346 Artikele valabel zu Enn ze bréngen.

Ech war nach esou fair, nach gëschter zum Beispill, erëm drop opmierksam ze maachen, dass vun den Annexen eng Rei Saachen net korrekt wieren, well ech nach ëmmer net opginn hunn eng konstruktiv Mataarbecht ze maachen. Mä ech ginn dem Här Jaerling awer Recht, dass ee sech fir eng Kéier, wann een deen do Szenario déi lescht Woch matgemaach huet als Oppositiounsdeputéierten, awer d'Fro stellt, wat et nach Sënn mécht konstruktiv an enger Kommissioun matzeschaffen.

Ech géif och proposéieren, dass mer sämtlech Kommissiounen ofschafen. Mir sollen nach just d'Conférence des Présidents um Liewen halen. Déi zwee Fraktiounschefen aus der Majoritéit, déi eenege sech op en Text. Si ginn deenen anere Fraktiounschefen dee mat. Da kënne mir an eise Fraktiounen driwwer diskutéieren, ob mer deen Text stëmmen oder net, an iergendwann komme mer dann eng Kéier heihin a jiddferee vun eis wielt dann ee vun deenen dräi Knäppercher, déi e viru sech huet, an da kënne mer dem Land vill Geld a vill Zäit spueren. Dann hu mer als Deputéierten nach vill méi Zäit fir op Dëppefester ze goen an do, wéi dat esou schéin hei gesot gëtt, de Kontakt mat de Wieler a Wielerinnen ze fleegen.

Domat si mer, Här President - an da kann ech dem Här Strotz och soen, dass ech zum Fong kommen -, dann och scho beim Geescht vum neie Wahlgesetz ukomm, well deen ass jo net anescht wéi dee vun 1924, an ech kënnt elo laang hei zitéieren, all déi Leit iwwer Fraktiounen ewech, déi deemools gewarnt hu viru gewëssen Ausaartunge vun dësem Gesetz. Ech mengen net, dass prinzipiell eppes un deem Geescht geännert ginn ass.

Mä, Här President, no där leschter Woch verstinn ech awer och villes besser wéi dëst Gesetz agencéiert ginn ass. Wéi sollen tatsächlech Parteien, déi emol net bereet sinn déi bestehend Spillregele vun der Demokratie spillen ze loossen, akzeptéieren d'Dier vun der Participatioun méi grouss opzemaachen. Dat hate mir als Gréng eis awer zumindest erwaart vun enger Reform, déi dësen Numm verdéngt gehat hätt.

Ech mengen, et hätt een als éischt jo emol missen e Bilan maache vu 85 Joer allgemengem Wahlrecht. Et hätt ee misse Konklusiounen zéien iwwer 150 Joer representativ Demokratie. Dann hätte mer noutgedronge festgestallt, dass mer déiselwecht Problemer hu wéi an eisen Nopeschlänner, dass vill Leit sech net méi erëmfannen an dëser representativer Demokratie, dass se sech net méi representéiert fillen.

Dat ass sécherlech eng vun den Ursaache vun deene ville Biergerinitiativen. Dat ass awer och eng vun den Ursaache vun där sougenannter Politikverdrossenheet, och vun deem vill beklotenen Desinteresse un der Politik. Mä mir maachen eis et jo ganz einfach hei zu Lëtzebuerg a mir soen: Mir halen un der Wahlpflicht fest, da brauche mer net festzestellen, dass mer hei och vläicht nëmmen eng Wahlbedeelegung vu 65 oder 70% hätten oder souguer nach vläicht wesentlech manner. Dat ass et sech jo einfach gemaach. Da brauch een net an de Spigel ze kucken.

No esou engem Bilan hätt ee sollen all aktuell Strukturen duerchliichten, Froe stellen: „Gi se hirer Roll nach gerecht? Si se nach zäitgemëiss? Si se nach representativ?", an duerno e grondleeënden Débat innerhalb vun den hei representéierte Parteien, mä och mat der Zivilgesellschaft féieren, fir eist Wahlgesetz, mä net nëmmen eist Wahlgesetz, mä wierklech eise ganzen institutionelle System dem 21. Jorhonnert unzepassen. Déi Gréng hu mat hire bescheidene Mëttelen, déi hinnen zur Verfügung stinn, probéiert dat ze maachen.

Mir hunn am September 2000 eng Broschür virgestallt: „30 Schrëtt fir méi Matbestëmmung". Ech wëll elo hei net méi an den Detail goe vun all deene Punkten, déi mer do opgeworf hunn. Vläicht just am Telegrammstil déi wichtegst Achse mat deene jeeweileg dozou gehéierende Mesuren, wéi mer eis dat hätte kënne virstellen. Eisen éischte Prinzip: Méi Leit matschwätze loossen.

Här President, mir si jo, wat de Pourcentage vun deene Leit, déi zu Lëtzebuerg kënne mat stëmme goen, geschwënn erëm an der Situatioun vu virun 1919. Deemools waren et virun allem d'Fraen, déi net hunn däerfe wielen, an déi Leit déi net vill Steiere bezuelt hunn. Abee, deemnächst wäerten et d'Auslänner sinn, well et wäert jo net méi laang dauere bis de Pourcentage vun den auslännesche Matbierger a Matbiergerinnen iwwer 50% läit, an da si mer erëm an enger Situatioun wou eng Minoritéit vu Leit an deem Land hei iwwert dat ganzt Land décidéiert. Ech mengen net, dass dës Situatioun nach laang wäert daueren, sou dass mer geschwënn an där Situatioun sinn, an dat ass alles anescht wéi der Demokratie zoudréiglech.

Mer haten an deem Kontext eng Rei Moossname proposéiert. Mir hate gesot, fir och déi Net-EU-Auslänner op Gemengenniveau matbestëmmen ze loossen. Mir hu wesentlech méi kuerz Residenzdauere virgeschloen. Ech wëll drop hiweisen, dass an dësem Gesetz eng ganz Rei Paradoxen dra sinn. E Lëtzebuerger brauch nëmmen dräi Deeg an enger Gemeng ze wunnen, da kann hien do wiele goen. En Auslänner muss de facto 6? Joer an enger Gemeng wunne fir kënne mat wielen ze goen. Eis schéngt dat zum Beispill net logesch ze sinn. Dofir si mer der Meenung, dass een insgesamt d'Residenzdauer hätt kënnen erof setzen.

Mir waren och fir eng Vereinfachung vun dem Aschreifsystem fir d'Auslänner a mir sinn der Meenung, dass een dat Tabuthema Wahlrecht op nationalem Niveau fir d'Auslänner an d'Auslännerinnen endlech upake soll. Mir sinn eis bewosst, dass dat net esou einfach ass. Mir sinn och der Meenung, dass an enger lwwergangsphas eng Rei Konditioune sollen dorun ugebonne sinn. Mir sinn awer der Meenung, dass an engem Land, wat geschwë méi Auslänner huet wéi Lëtzebuerger, een dat Thema muss ugoen, wann een nach eng integréiert Gesellschaft wëllt erhalen, respektiv - an och do mengen ech hu mer ganz konkret Virschléi gemaach, et ass eng Proposition de loi vum Renée Wagener do - fir d'duebel Nationalitéit anzeféieren, wat eng aner Manéier wier fir weiderhin eng integréiert Gesellschaft zu Lëtzebuerg ze erhalen.

Mir sinn awer och der Meenung, dass nach wie vor - an ech sinn do enger total anerer Meenung wéi praktesch alleguerte meng Virriedner - aktiv, offensiv Moossnamen néideg si fir méi eng aktiv Bedeelegung vun de Fraen um Décisiounsprozess erbäizeféieren. Quote sinn en Instrument derfir. Déi Gréng hunn nach ni behaapt, dass dat dat eenzegt Instrument soll sinn. Ech géif déi ganz Thematik, wat d'Bedeelegung vun de Fraen ubelaangt, dem Renée Wagener iwwerloossen, dat herno méi am Detail op déi Problematik ageet.

Mir gehéieren awer och zu deenen, déi kee Problem hätte fir den aktive Wahlalter op 16 Joer erofzesetzen. An deem Sënn ass et net ganz richteg, wat am Rapport steet: Mir trieden net a fir e passiivt Wahlrecht vu 16 Joer. Dat ass vläicht falsch verstane ginn. Mir sinn derfir, dass d'Leit mat 16 Joer kënne wiele goen. Mir sinn awer net derfir, dass se scho mat 16 kënne gewielt ginn. Ech huelen un, dass do eppes falsch verstane ginn ass. Op jidde Fall wëll ech dat hei kloer stellen.

Déi zweet Haaptachs, wou eis Virschléi higaange sinn, ass déi, dass d'Leit besser matschwätze solle gelooss ginn. Mir denken, dass d'Auslänner onbedéngt misste kënne Buergermeeschter a Schäffe ginn. Et gëtt sech ëmmer gewonnert, dass d'Leit net schrecklech begeeschtert si fir sech androen ze loossen a scho guer net fir sech op Lëschten opzesetzen, mä stellt Iech vir Dir hätt mar Loscht aktiv an enger Gemeng matzemëschen an Dir wéisst vu vir eran, dass Der net méi wäit wéi Conseiller kënnt kommen, egal wéi vill Stëmmen dass Der vun de Leit kritt. Ech weess net ob Der dann nach schrecklech motivéiert wiert.

Et ass ëmmer erëm gesot ginn do wiere juristesch Problemer. Dat mag sinn. Ech mengen awer, wann de politesche Wëllen do wier fir do eng Léisung ze fannen, da misste mer et jo awer och ronn bréngen eis Gesetzer an eventuell eis Constitutioun esou ze formuléieren, dass dat do machbar wier. Ech hoffen, dass sech do nach iergendwinni eng Kéier eng Bereetschaft fënnt, an deem do Punkt mindestens weider ze goen.

Mir sinn och fir nei Forme vu Biergerbedeelegung um kommunale Plang, fir méi Rechter fir d'Gemengekommissiounen a fir eng Reform an eng Erliichterung vun de Referendumskonditiounen op Gemengenniveau. Et wier awer och eng Geleeënheet gewiescht, fir endlech de Referendum um nationale Plan ze definéieren. Mir erwaarden eis e besseren Zougang zu Informatiounen. Och do läit eng Proposition de loi vum Här Bodry um Dësch, iwwert déi een hätt kënnen diskutéieren. A virun allem wënsche mer eis - dat ass och schonn ernimmt ginn - méi Fräistellung fir all déi Leit, souwuel déi gewielten an déi net gewielten, déi iwwerhaapt nach Loscht hu sech an eiser Gesellschaft ze engagéieren.

Schlussendlech si mer der Meenung, dass een Demokratie a Sträitkultur muss léieren, selbstverständlech an der Schoul, mä och nach doriwwer eraus. Dofir kéint ee sech, wéi dat a gewësse Länner existéiert, en Haus vun der Demokratie virstellen.

Déi drëtt Haaptachs vun eisen Iddien: Iwwer Iddien a Programmer schwätzen, amplaz nëmmen iwwer Leit. An deem Kontext ass fir eis d'Ofschafung vun der Wahlpflicht e wichtege Punkt. Ech sinn net mat deene Leit d'accord déi soen d'Wahlpflicht wier dee beschte Garant dass d'Leit sech un der Demokratie géife bedeelegen. Ech mengen net, dass eppes e Garant ass wann een een zu eppes forcéiert. Dat do mag kuerzfristeg richteg sinn. Ech mengen awer, wann een d'Wahlpflicht géif ofschafen an hei géif e gewëssenen Desinteresse feststellen, da missten emol erëm sämtlech politesch Parteie vill méi aktiv ginn, si missten d'Leit méi mobiliséieren a si missten hir Wieler a Wielerinne sensibiliséieren. Ech mengen, dass dat mëttelfristeg wierklech zu enger méi lieweger Demokratie géif bäidroe wéi wa mer elo genee wëssen als Partei: Eis Stammwieler a -wielerinne gi souwisou déi nächst Kéier mat wielen.

D'Wahlpflicht ass och eng Ursaach, dass an deem Land hei schonn zënter éiweg praktesch keng gréisser Changementer méi machbar sinn. Et ass kloer, wa jiddferee seng Stammwählerschaft d'office duerch d'Wahlpflicht mobiliséiert kritt, da kënnt dat net vir wat nach viru kuerzem zum Beispill an Däitschland geschitt ass, dass eng Partei 10 bis 12% ka verléieren an eng aner der grad esou vill derbäi wanne kann, well déi et dann ebe besser fäerdeg bruecht hunn hir Leit ze mobiliséieren an ze soen: „Mir hunn eng Alternativ ze bidden zu deem wat ass." Dofir si mir fervent Unhänger vun der Ofschafung vun der Wahlpflicht. Mir haten awer séier erkannt, dass mer do zimlech eleng op weiter Flur wieren.

Mir sinn och der Meenung, dass d'Aschränkung vum Panachage och dozou géif bäidroen, dass mer endlech emol erëm iwwer Iddien a Programmer géife schwätzen, amplaz ëmmer nëmmen iwwer Leit. An ech wëll hei nach eng Kéier widderhuelen, dass et net richteg ass wat ëmmer erëm vu gewëssene Leit, mengen ech, bewosst behaapt gëtt, mir hätten de Panachage wëllen direkt integral ofschafen. Dat ass net richteg. Ech mengen, wann een eis Propos hëlt an et seet een: Mir sinn d'accord, dass de Panachage bestoe bleift, awer just nach iwwer zwou Lëschten, ech mengen da kann een als Wieler a Wielerin zwou Saache ganz kloer soen: Et kann ee sech fir e Programm entscheeden. Et kann ee sech esouguer fir eng gewësse Koalitioun entscheeden an innerhalb vun deenen zwou Parteien, déi mer jo bis auf weiteres brauchen an deem Land hei fir eng Majoritéit ze kréien, ënnert deene Leit, déi een am beschte kennt, oder loosse mer esou soen déi ee fir am kompetentsten hält, e Choix maachen.

Mat där Mesure wieren all déi Méiglechkeeten, déi mer elo hu berücksichtegt, mä, an dat wär fir eis wichteg gewiescht, wär zumindest e Symbol gesat fir ze soen, kommt mer schränken awer dat doten an, kommt mer probéieren eis erëm e bëssche méi op Iddien ze fokusséieren an net just nach op déi puer Leit. Ech mengen, do waren ënnerschiddlech Meenungen do. Et ass richteg, wat den Här Graas seet, dass d'DP kee Millimeter wollt réckelen. Ech weess net aus wellechen Ursaachen, vläicht well se sech ausrechnen dass se dann e bësse Stëmme verléieren.

***(Interruption)***

Jo, mä ech sinn awer mat Ärer Argumentatioun iwwerhaapt net d'accord. Ech wëll awer nach eng Kéier betounen, dass Der eis Iddi net richteg duergestallt hutt. Mir wëllen de Panachage net ofschafen, mir wëllen e liicht aschränken.

***(Interruption)***

Zwou Parteien, jo. Dir wësst jo awer grad esou gutt ewéi ech, dass prozentual gesinn d'Zuel vun deene Leit, déi iwwer zwou Parteien erwer stëmmen, souwisou relativ kleng ass. Mä vun der Symbolik hier, mengen ech, hätt et eppes bruecht. Et hätt ee méi eng breet gefächert Diskussioun iwwert de Panachage am Allgemenge kritt. Ech weess, dass Dir déi net wëllt. Dat ass Äert gutt Recht. Mir sinn awer der Meenung, dass et mëttelfristeg der Demokratie net gutt zu Gesiicht steet, wa mer net méi iwwer Iddien a Programmer schwätzen, mä just nach iwwer Zuchpäerd, déi op deene Lëschte virop gesat ginn.

En ähnleche Qualitéitssprong hätte mer eis vun der Aféierung vun engem eenzege Wahlbezierk erwaart. Ech kann och do d'Konsequenz net entdecken. Eigentlech, wann ee konsequent gewiescht wier, hätt ee misse soen, mir schafen d'Wahlbezierker an enger Gemeng of, well mer aus der Postkutschenzäit eraus sinn a well een net een Dag brauch fir vu Biekerech op Näerden ze goen. Ähnlech hätt ee jo och misse soen, mir sinn am 21. Jorhonnert an an enger gudder Stonn ass ee vun der Wämperhaart zu Rëmeleng, wann et net zur Stousszäit ass.

***(Interruption)***

Ech hu gesot, wann et net grad moies um aacht Auer ass.

Also hätt ee sech och kënnen erwaarden dass ee seet, et ass grad esou logesch um nationale Plang d'Bezierker ofzeschafe wéi um kommunale Plang. Ech mengen dass mer och do dann eng besser Diskussioun iwwert d'Zukunft vum ganze Land kritt hätten, amplaz dass elo gemaach gëtt wéi wann déi eenzel Deputéierten an hire Bezierker hir Spillwiss hätten, wou se sech da kënnte fir den Intérêt vun deem Bezierk asetzen.

Et ass lächerlech, wann ee mat Leit aus dem Frankräich oder aus Däitschland schwätzt. Mir si mol keen Departement a menge mir missten eis Problemer a véier opsplécken. Ech froe mech, ob net grad d'Tatsaach, dass mer dat Land hei a véier opgespléckt hunn, Schold drun ass, dass an der Vergaangenheet eng Rei Léisungen net erbäigefouert gi sinn, an et ass falsch ze mengen, den Norden oder den Oste kéime schlecht ewech. Am Géigendeel! Am Moment si siwen Deputéierte fir den Osten zoustänneg an néng fir den Norden. Ech hunn nach ni en Deputéierten aus dem Süden am Norde gesinn.

Wa mer ee Wahlbezierk hätten, da géinge 60 Deputéierte sech fir den Norden interesséieren, 60 fir den Osten, 60 fir den Zentrum a 60 fir de Süden. Da krite mer vill méi eng objektiv Debatt. Et géingen och manner perséinlech Interessen aus gewëssene Regioune vertruede ginn. Ech menge schonn, dass dat wierklech positiv gewiescht wier.

Et ass och net richteg, wéi da Leit hei behaapten, dann hätte mer herno nach just 60 Deputéierten aus der Stad. Dat ass jo totale Quatsch. Mir hu jo eng Wahl wou mer ee Wahlbezierk hunn. Dat sinn d'Europawahlen. Kuckt Iech d'Resultater do un. Do sinn nach laang net ëmmer déi aus der Stad op deenen éischte Plazen. Et waren zum Beispill zwou Lëschten, wou e Représentant aus dem Norden un éischter Plaz war. Just als Beispill fir ze soen, dass déi Logiken, déi hei gezielt ginn, wou gesot gëtt dann hätten déi kleng Bezierker keng Représentante méi an der Chamber, absolut net richteg sinn.

Schlussendlech géing och dozou gehéieren ze soen, mir misste méi iwwer Iddien a Programmer schwätzen, och driwwer fir d'Europawahle vun den nationale Wahlen ze trennen. Da krite mer endlech emol hei eng Debatt iwwert d'Europawahlen. Et gëtt ëmmer hei gesot, dass ëmmer méi zu Bréissel an zu Stroossbuerg décidéiert gëtt. Ech mengen, da misst een et och fäerdeg bréngen, dass dat en Thema ass virun de Wahlen, dass d'Leit mat kréie wéi wichteg et ass wien op Stroossbuerg geet a wien op Bréissel geet. Dat ass awer de Moment net machbar.

***(Interruption)***

Mir hätten dee Virschlag direkt ënnerstëtzt. Dat wësst Der.

Déi véiert grouss Pist vun eis ass: Besser iwwer e Problem schwätze kënnen, well jiddferee besser am Bild ass. Dat huet mat politescher Bildung ze dinn an der Schoul, mä och an der Formation continue. Dat huet awer och ze di mat der Unerkennung an der Finanzéierung vun de Parteien. Dat huet och ze di mat haaptamtleche Buergermeeschteren, déi dat da wierklech kënnte vollbeschäftegen maachen. Natierlech wier fir eis de Corollaire, dass een dann den Député-maire misst ofschafen. Dozou sti mer.

Et huet awer och domat ze dinn, an dofir eis Virschléi: Eng Incompatibilitéit EU-Mandat an Nationalmandat, mä awer och EU-Mandat a Buergermeeschter. Ech mengen net dass et éierlech ass, wann ee muer zu Stroossbuerg gewielt ass, dass een dann och nach ka Buergermeeschter, esouguer an där klengster Gemeng, sinn. Wann een dat Mandat eescht hëlt, dann ass een net vill am Land an da kann een dat net seriö maachen. Och dofir eis Propos.

Schlussendlech awer och eng Reform vum Statsrot. Mir haten eis virgestallt, dass een am Kontext vun deene ganze Reformen och de Statsrot wesentlech reforméiert, dass een do hätt kënnen, wann een d'Circonscription unique agefouert hätt, déi regional Komponent an dat zweet Gremium - e Statsrot, deen e bësse wéi e Senat gewiescht wär - aféieren.

Déi fënneft Achs vun eise Virschléi: Eng Rei Bestëmmungen der heiteger Zäit upassen. Dozou gehéiert d'Gemengesektiounen ofschafen. D'Stéchwahlen ofschafen. D'Mandatsdauer an dëser schnellliweger Zäit vu sechs op fënnef erof setzen. D'Gemengenopdeelung iwwerdenken a schlussendlech den elektronesche Vote aféieren.

Här President, dat waren eis Virstellungen. Mir hunn awer ganz séier gemierkt, dass keng Bereetschaft vun deenen anere Parteien do wier, fir Bilan ze maachen, Diskussiounen ze féieren a grondleeënd Reformen ze maachen.

Wat eis elo haut hei virläit, an et deet mer Leed wann ech eng Rei Leit da muss enttäuschen, dat ass an eisen Aen eng technesch Upassung vun enger Rei Bestëmmungen un eis Zäit, wou mir och kee Problem hunn, wéi d'Stéchwahlen an de Majorzgemengen, respektiv d'Gemengesektiounen ofschafen. Ech hu scho gesot, d'Postkutschenzäit ass eriwwer. Da gehéiert et sech och, dass mer nëmme méi eng Sektioun an enger Gemeng hunn.

Mir hunn och kee Problem mat der technescher Upassung an der Bréifwahl a mir fannen dat och positiv, wann de Gemengerot direkt no der Wahl, wa seng Leit vereedegt sinn, kann untrieden. Ech mengen net, dass dat der Kaz e Bockel wäert maachen an eis demokratesch Praxis an der Gemeng wesentlech wäert verbesseren.

Mir gesinn eigentlech nëmmen zwee Schrëtt a Richtung vu méi Participatioun. Den éischten ass dee fir d'Net-EU-Auslänner bei de Gemengewahle bedeelegen ze loossen. Mä, Här President, dat ass awer och nëmmen en hallefhäerzege Schrëtt, well se däerfe sech net wiele loossen. Déi Logik versti mer nu guer net. Entweder dat si Leit wéi déi aner, an da kommt mir ginn hinnen och déi ganz Rechter wéi déi aner. Ass dat dramatesch wa mer muer e kapverdianesche Mann oder eng kapverdianesch Fra am Fielser Gemengerot sëtzen hunn? Ech weess net, wou do d'Ängschte sinn. Schlussendlech sinn d'Residenzdaueren awer nach ëmmer esou laang, dass nach vill Leit sech ofgeschreckt fillen. Also okay fir dee Punkt, mä awer hallefhäerzeg.

Dat selwecht ass d'Erofsetze vum Alter fir kënne wielen ze goen a sech wielen ze loossen. De passive Wahlalter ass wuel op 18 mä den aktive Wahlalter net bis op 16 erofgaangen, esou dass dat och nëmmen an eisen Aen eng hallef Mesure ass.

Fir de Rescht hunn ech gesot, war keng Bereetschaft do. Keng Trennung EU- an national Wahlen, trotz enger Proposition de loi Grethen/Polfer. Keen Erofsetze vum aktive Wahlalter trotz enger Proposition de loi Berger. Iwwerhaapt emol keng Diskussioun iwwert d'Duebelnationalitéit trotz enger Proposition de loi Wagener. All Partei seet, mir hu kee Problem mat der Duebelnationalitéit, mir sinn derfir, dass déi esou séier wéi méiglech kënnt.

***(Interruption)***

Hei huet jo ee behaapt, Dir wiert keng Partei. Ech weess net, ob dat esou ass. Jiddefalls vun all deenen anere Parteien, an dat géing jo largement duergoe fir eng Majoritéit hei an der Chamber ze kréien.

***(Interruption)***

Neen.

Här President, et läit eng Proposition de loi vir. Kommt mir huele se op de Leescht a mir kucken, dass se virun deenen nächste Wahlen hei votéiert ass, dann ass dat keen Thema méi fir keen an et schwätzt kee méi dervun.

Här President, näischt vun all deenen Iddië vun eis ass ugeholl ginn. Keen, ech betoune kee vun eisen iwwer 40 Amendementer ass schlussendlech majoritär ugeholl ginn. Dofir hunn ech se de mueren och nach eng Kéier erabruecht an ech wäert och drop halen, dass driwwer ofgestëmmt gëtt, fir dass een an zéng oder fofzéng Joer eng Kéier ka feststellen, wien da bei dësem sougenannten historesche Moment, oder dëser historescher Geleeënheet eise Wahlsystem unzepassen, fir progressiv Iddië war a wien net.

Här President, zënter enger Woch hunn ech awer och verstanen, dass dëst Gesetz iwwerhaapt net geduecht ass fir d'Dier vun der Demokratie méi grouss opzemaachen, am Géigendeel. Déi dräi grouss Parteien hale se ganz fest zou, dass jo keen hinnen eppes ewech hëlt. Eppes ass awer gutt gewiescht, dass den Innenminister bei eis an d'Kommissioun komm ass, zumindest ass jo do eppes op d'Tapéit komm, an zwar dass no baussen hi sech de schéine Männche gemaach ginn ass a gesot ginn ass, all d'Parteie konnten am Virfeld hir Iddie schwaarz op wäiss festhalen an dem Innenminister se eraginn. Duerno ass gekuckt ginn e Konsens ze fannen.

Den Här Wolter huet sech awer verschwat, oder bewosst dat dunn ënnert d'Leit bruecht, an huet gesot an de Sitzungen, et kënnt net sinn dass dat, wat déi dräi grouss Parteien am Virfeld sech eens gemaach hätte wat an de Projet soll kommen, géing op d'Kopp gehäit ginn.

Ech stellen also fest, Här President,…

***(Interruptions)***

Här President, ech si gär bereet de Verbatim vun der Sitzung vum 5. Februar ze huelen, wou den Här Innenminister - a komescherweis hu Virriedner vu mir genau datselwecht gesot - an där Sitzung gesot huet, déi dräi grouss Parteien hätte sech am Virfeld ofgeschwat a probéiert an deene wichtege Punkten e Konsens ze fannen. Här Jempy Klein, Dir hutt dat éinescht hei behaapt. Stitt Der nach ëmmer zu deene Wierder?

***(Interruptions)***

Voilà, zumindest hunn ech en Zeien, Här President, dass den Här Wolter dat an der Sitzung gesot huet. Ech stellen also fest, dass no bausse gemaach ginn ass wéi wann all Parteien hei kënnten hir Iddien abréngen, dass an der Realitéit awer de Konsens tëschent deenen dräi grousse Parteie gesicht ginn ass. Domat ass dëse Projet also e Kompromëss tëschent CSV, DP an LSAP. Déi dräi Parteien erlabe sech also, géif ech emol soen, graff 25% vun de Wieler a Wielerinnen net ëm hir Meenung ze froen. Dat ass och eppes wat mer hei emol misste festhalen.

Wann een dat bis weess, an et huet mech du gefreet dat gewuer ze ginn, da versteet een och villes méi. Vun do un hunn ech verstane firwat eigentlech d'LSAP esou roueg wier an dësem Dossier. Si hätt jo Intérêt gehat an esou engem Projet wierklech als gréissten Oppositiounspartei e bësse méi draus ze maachen. Mä anscheinend hat se jo d'Hänn gebonnen. Ech verstinn och elo, Här President, firwat aus heiterem Himmel, obwuel kee Mënsch dat gefrot huet, obwuel dat ni e Problem war, d'Zuel vun den Ënnerschrëften an de Gemenge vu 25 op 50 erop gesat ginn ass, well ech mengen, déi Mesure kënnt jo sécherlech net den neie Lénken zegutt oder soss enger klenger Partei. Ech hunn och verstanen, firwat d'Wahlflicht vu 70 op 75 erop gesat ginn ass, well déi Mesure kënnt jo sécherlech net deene Gréngen zegutt. Ech hunn och verstane, wéisou bis auf weiteres...

***(Interruptions)***

…e Besoin besteet, e Gesetz iwwert d'Parteien hei an deem Land anzeféieren an och d'Finanzéierung, well ech mengen net dass de gréisste Problem vun CSV, DP an LSAP d'Finanze sinn.

Ech mengen och, Här President, dass et kee Wonner da méi ass, dass keng Rieds war fir ee Wahlbezierk anzeféieren, well dat kënnt jo héchstens deene klenge Parteien zegutt kommen. Ech mengen och, dass et da kee Wonner méi ass, dass kee Millimeter um Panachage…

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Dir hat dach hei an der Chamber fënnef Stëmmen dofir krut. Sidd dach räsonnabel. Fir déi dote Propos, dat hu mer jo de Mueren héieren, hutt Der hei an der Chamber exakt fënnef Stëmmen, fënnef, keng weider. Wéi soll ech dann eng Propositioun erabréngen, vun där ech vun Ufank u weess datt se hei fënnef Stëmme kritt. Allez!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Et geet hei net ëm de Fong. Et geet hei ëm de Prinzip. Dir hutt hei méintelaang, jorelaang behaapt, hei hätt all Partei kënnen aktiv un der Viraarbecht vun dësem Projet de loi matschaffen an Dir hutt an der Sitzung vum 5. Februar ganz kloer an däitlech gemaach, dass, wéi et ëm d'Wurscht gaangen ass, du soutzen der just nach dräi um Dësch. Mir huelen dat ad acta a mir wäerten dem Vollek dobausse soen, dass fir Iech d'Konsenssichen emol d'office heescht 25% vun de Wieler a Wielerinnen net mat un den Dësch ze ruffen. Dat ass aktéiert, Här Wolter, mir wäerte kucken, dass dat méi Leit wéi déi 60 hei an der Chamber wäerte gewuer ginn.

Et ass kee Wonner, Här President, wann een dat do alles weess, dass kee Millimeter um Panachage soll geréckelt ginn, well et si jo déi traditionell Parteien, déi kënnen op heiteg a fréier Ministeren zréckgräifen, op Triathletinnen an op Biergsteiger, op aktiv oder pensionéiert Gewerkschaftsbossen, wann et heescht Stëmmen ze sammelen.

Et hätt ee misse wëssen, dass vun enger Majoritéit, déi eng Lex Greenpeace ausschafft, keng Öffnung zur Zivilgesellschaft kënnt kommen. Et hätt ee misse wëssen,

dass eng Partei, déi net weess wat Oppositioun ass, weder parlamentaresch nach ausseparlamentaresch, eng Partei, déi der Meenung ass Engagement a Biergerinitiative wiere verlueren Energie, net bereet ass méi e grousst Stéck vum Kuch mat anere Leit ze deelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et wonnert Iech no dësen Ausféierunge sécherlech net méi, dass déi Gréng dëst Gesetz net wäerte stëmmen. Et ass net esou wéi déi Gréng sech eng partizipativ Gesellschaft virstellen. Et ass och net esou wéi déi Gréng sech eng lieweg Demokratie virstellen. Dofir stëmme mir géint dëst Gesetz.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, deen heite Projet beschränkt sech jo am wesentlechen op eng Ännerung vu gewëssen technesche Modalitéite vum Wahlgesetz, während awer ganz aner Mesuren noutwendeg wieren, wat eng participativ a lieweg Demokratie ugeet. Mir mengen esouguer, et hätt missen en eegent Kapitel an d'Wahlgesetz agefouert ginn, wat ebe just déi participativ Demokratie a wat dat alles bedeit géif beinhalten.

Ech wëll do och verschidde Schwéierpunkten opzielen. Éischtens emol, mengen ech, bedeit dat eng reell politesch Debatt à égalité des armes och no de Wahlen. Dozou gehéiere gläich Informatiounsan Ausdrocksméiglechkeete vun deene verschiddene fundamentale Standpunkter déi et an der Gesellschaft gëtt, ouni dass dat iwwerméisseg geregelt gëtt, zum Beispill duerch de Chronometer hei an dësen Debatten oder zum Beispill duerch den Ausschloss vu gewësse Parteien an de Kommissiounen, an deenen eenzelne Gemengen. Ech mengen haaptsächlech d'Gemeng Lëtzebuerg, déi jo ganz restriktiv virgeet wat d'Vertriedung vun de Parteien an de Kommissiounen ugeet.

Ech mengen, dass d'Demokratie sech jugéiert un de Rechter, déi déi klengste politesch Gruppéierung huet, net un de Rechter, déi déi gréissten huet, well déi ass jo souwisou vertratt iwwerall an den exekutive Gremien. Ech mengen och, dass zur reeller politescher Debatt gehéiert eng onbedéngt noutwendeg Opwäertung vum Parlament a vun de Gemengeréit, och doduerch dass déi materiell Bedéngunge vun de Mandatairë verbessert ginn, déi hinnen et géifen erlaben déi néideg fachlech Kompetenz bei Décisiounen zu Rot ze zéien, déi jo ëmmer méi komplex ginn. Och zum Beispill a Kommissiounssitzunge vun der Chamber, awer och duerch den Ausbau vum Congé politique op allen Niveauen.

An deem Sënn gesinn ech och éischter d'Fro vun der Finanzéierung vun de Parteien, déi menger Meenung no net däerft den Akzent leeën op d'Finanzéierung an op de Remboursement vu risege Wahlkampagnekäschten, mä éischter misst den Akzent leeën op d'Förderung an d'Erausbildung vun onofhängeger Kompetenz a pluralistescher Debatt iwwerall an der Gesellschaft.

Mir si konfrontéiert mat Tonne vun offiziellen Dokumenter, vu regierungscommanditéierten Expäreberichter, Dag fir Dag. Deem entgéint sti moer Méiglechkeete fir déi eenzel politesch Richtungen, fir sech kënnen auszedrécken.

Dobäi kënnt nach d'Hëlleflosegkeet vun de politesche Mandatairë virun der Flut vun europäeschen Texter, déi selwer ganz dacks net e Resultat si vu reellen demokratesche Prozesser.

Ech mengen och, dass zu enger reeller politescher Debatt gehéiert d'Agräife vun de gesellschaftlechen Organisatiounen a vun all eenzelne Bierger, deen dorunner interesséiert ass, an d'Virbereedung vun den Debatten an de Gemengen an an der Chamber. Hearingen hannert zouenen Diere bréngen an deem Sënn, am Sënn vun der Vermëttlung vu politesche Meenungen no baussen, guer näischt. Et ass jo och iwwregens kritiséiert gi bei deem Hearing, dee stattfonnt huet hei an der Chamber mat deene verschiddene Fraenorganisatiounen zum Wahlgesetz, dass zum Beispill deen Hearing net och géif öffentlech iwwerdroe ginn.

Zweetens mengen ech, dass participativ Demokratie och heescht, dass ee muss verhënneren, dass déi politesch Mandatairë sech verselbststännegen. Do, mengen ech, sinn zum Beispill Antikumulbestëmmungen noutwendeg, fir dass sech net eng Politikerkast kann erausbilden, wat awer wäitgehend schonn de Fall ass, déi een iwwerall op allen Niveauen an an alle Gremien, lokal an national, erëmfënnt.

Esou Saache wéi eng Begrenzung vun der Mandatszäit oder zum Beispill de Rotatiounsprinzip oder d'Ernenne vu Suppléanten, wat verschidde Mandater ugeet, esou wéi dat bei de Beruffskummeren elo schonn de Fall ass, wieren nëtzlech Moossnamen.

Ech mengen des Weideren, dass zum Beispill d'Eropsetze vun der Zuel vun de Gemengerotsmemberen, besonnesch an deene gréissere Gemengen, dozou bäidroe kéint, dass sech méi Leit bedeelegen un der representativer Demokratie. Ech wëll just nëmmen drop hiweisen, dass zu Esch-Uelzecht ee Gemengerotsmember 1.426 Awunner vertrëtt an zu Esch-Sauer ee Gemengerotsmember 37 Awunner.

Eng aner Moossnam wier zum Beispill d'Erofsetze vun der Zäit tëschent de Wahlen op fënnef Joer op Gemengenniveau, wéi dat vu ville Parteie virgeschloe ginn ass, an net op sechs Joer wéi et de Moment de Fall ass. Déi einfach Moossnam do ass jo och emol net ëmgesat ginn an dësem Gesetz.

All déi Moossnamen hätten awer eiser Meenung no e positiven Effet dorop gehat, fir ze verhënneren dass déi representativ Demokratie sech verselbststännegt. Ech sinn dofir net mat deenen enger Meenung, déi soen Buergermeeschter sinn, zum Beispill, misst e Beruff ginn. Si verlaangen en Amtsbuergermeeschter. Ech mengen och net, dass Deputéierten ze sinn sollt e Beruff sinn, mä alles dat soll e politescht Mandat bleiwen, dat zäitlech begrenzt ass.

Ech mengen et ass ganz wichteg, dass d'Deputéierten zum Beispill materiell vun der Politik onofhängeg bleiwen, fir dass se deen néidege Géigepoids hunn, fir dass se déi néideg Indépendance d'esprit an de libre arbitre behalen, net vis-à-vis vun hire Wieler, virun deene se selbstverständlech verantwortlech sinn, mä vis-à-vis vun de Lobbyen a vun de wirtschaftlechen Décisiounszentren, déi an all eisen Debatten eng ëmmer méi grouss Roll spillen.

Mir haten dofir an eise Propositiounen, déi mer dem Minister gemaach haten ier dee Projet de loi ausgeschafft ginn ass, virgeschloen d'Befugnisser vun de Gemengeréit ze verstäerken, och vis-à-vis vum Schäfferot. Dass de Gemengerot zum Beispill sollt d'Méiglechkeet kréien de Schäfferot ze wielen an och erëm ofzewielen an eventuell Neiwahlen ze proposéieren oder de Wee fräi ze maache fir Neiwahlen a fir generell de Gemengerot och wäitgehend ze léise vun der Tutelle vum Stat.

Ech menge participativ Demokratie heescht och nach eppes Aneschters - dat ass mäin drëtte Punkt -, an zwar dass eng Konkordanz, eng Gläichheet muss bestoen zwëschent dem Pays réel an dem Pays légal. Eng partiell Demokratie ass keng richteg Demokratie, Dir Dammen an Dir Hären. Dofir sinn ech zum Beispill der Meenung, dass dat aktiivt Wahlrecht soll ausgedehnt ginn op déi Jonk vu 16 Joer un. Dat ass en Alter, wou d'Schoulpflicht ophält an den Aarbechtsalldag fir vill Jugendlecher ufänkt. Dat ass en Alter, wou zum Beispill d'Meedercher sech kënne bestueden. Dat ass en Alter, wou aner zivilrechtlech Méiglechkeete sech opmaachen. Et ass och en Alter, wou ee sech geschwë kann an d'Militär mellen. An et ass en Alter, wou den Interesse schonn do ass a souguer an der Schoul gefördert gëtt, fir sech fir de Fonctionnement vun der Politik a vum Stat ze interesséieren an aktiv matzemaachen.

Zweetens bedeit dat, dass all d'Auslänner, déi hei am Land wunnen, sech musse kënnen un all Wahle bedeelegen, och un den Nationalwahlen. Ech mengen, dass e Land, wat een Drëttel vu sengen Awunner, déi wesentlech zum Räichtum vun deem Land bäidroen, vum Wahlrecht ausschléisst, keng reell Demokratie ass, mä éischter ze vergläichen ass mat engem Uelechschäichtum, enger Apartheid oder mat der griichescher Demokratie, déi d'Sklaven ausgeschloss huet, mä déi awer, wat déi direkt Form vun der Demokratie zum Beispill ugaangen ass, vill méi demokratesch war wéi eis representativ Systemer vun haut. Mir sinn also fir eng Citoyenneté de résidence, déi net op der Nationalitéit berout, déi d'Wahlrecht accordéiert einfach opgrond vum Prinzip, dass d'Leit hei am Land wunnen an och hei am Land schaffen.

Da si mer ganz dofir, dass volontaristesch Moossname getraff ginn, fir d'Participatioun vun de Fraen un der Politik ze erméiglechen, well ech mengen, dass e Land wat esou wéineg Méiglechkeeten opmécht wéi eist, fir dass d'Frae sech kënnen u politeschen Ämter bedeelegen, keng reell oder wéinstens keng komplett Demokratie ass, déi d'Zesummesetzung vun der Bevölkerung géif erëmspiegelen, och wa selbstverständlech d'Fraen dat aktiivt an dat passiivt Wahlrecht hunn.

Ech fannen och, dass déi Argumenter, déi heiansdo opbruecht gi sinn - mir hunn der virdrun héieren iwwert de libre choix deen d'Wieler missten hunn an deen net beeinträchtegt dierft ginn duerch esou Moossnamen -, net oprechtzëerhale sinn. Ech froe mech, wou de libre choix vun de Wieler ass, wann d'Parteien, wéi dat jo an der Realitéit de Fall ass, aus deene verschiddenste Grënn net Frae genuch opstellen an et domadder erméiglechen, dass déi gesellschaftlech Inégalitéite sech vu Wahl zu Wahl kënne reproduzéieren. Ech froe mech, wou do de libre choix vun de Wieler ass, wa se net emol den Hauch vun enger Chance hunn de Frae bei de Wahlen déi Plaz an der Gesellschaft ze ginn, déi hinnen zousteet.

D'Frae si keng gesellschaftlech Minoritéit, déi duerch Quote misst geschützt ginn. Ech mengen do ass en anere Prinzip deen zielt. Ech mengen, dass eng komplett Gläichstellung vun de Geschlechter bei deem wichtegsten Akt vun der representativer Demokratie just nëmme beim passive Wahlrecht dat géif applizéieren, wat scho beim aktive Wahlrecht besteet, nämlech de Prinzip „one man - one woman - one vote". Dat spigelt sech dann och erëm beim passive Wahlrecht.

An de skandinavesche Länner gëtt dee Prinzip jo schonn zënter längerer Zäit mat vill Erfolleg praktizéiert an ech si souguer iwwerzeegt, Här President, dass dat gutt Ofschneide vun deene Länner, wat hire Schoulsystem ugeet, wesentlech mat der Valorisatioun vun de Fraen an der Gesellschaft vun deene Länner ze dinn huet. Ech si grondsätzlech och der Meenung dass. wat d'Gesellschaft méi participativ a méi egalitär fonctionnéiert, wat se d'Kapassitéite vun alle Bedeelegten hieft, ouni der Erausbildung vun Eliten dobäi ze schueden, au contraire, wat jo awer gesellschaftlech Konzeptiounen net erméiglechen, déi op der Trennung, op der Segregatioun an op dem Elitismus berouen.

Eng Vertriederin vun der Fraenorganisatioun LIDIA hat am Hearing vun der Chamber zum aktuelle Projet gesot: „Il n'y aucune ouverture, c'est la pure tradition de l'homme des cavernes et c'est lui qui veut diriger presque seul mon pays. Je termine en citant Alice Schwarzer: Auch Männer haben etwas zu gewinnen bei der Emanzipation, wenn sie es nur wagen."

Här President, Konkordanz tëschent dem Pays réel an dem Pays légal heescht menger Meenung no och - an do sinn ech net esou d'accord mat de grénge Kolleegen - Wahlpflicht, souwuel fir d'Lëtzebuerger wéi fir d'Auslänner déi hei mat wiele ginn. Ech kann och déi Konzeptioun, déi sech erëmspigelt am Rapport vun der Kommissioun nëmmen deelen, dass Wielen eng Biergerpflicht ass. Menger Meenung no berout se op der gläicher Participatioun vun alle Biergerinnen a Bierger um reelle politesche Prozess, esou wéi iwwregens...

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Ass dat den demokratesche Zentralismus?

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Wësst Der, „déi Lénk" ass bestëmmt déi am mannsten zentralistesch Organisatioun heibannen. Dofir weess ech net, wat déi Fro do soll, mä ech fannen au contraire...

***(Hilarité)***

Une voix.- Är Virgängerorganisatioun war awer do anescht.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Vun engem Extrem zum aneren, Här Urbany.

***(Hilarité)***

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Dofir ass dat jo och alles berengegt ginn. Wat iwwregens nach der LSAP bevirsteet.

***(Hilarité)***

Une voix.- Oh!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir gesitt dat falsch vu baussen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Gutt. Ech menge Wahlpflicht bedeit gläich Participatioun vun de Bierger um politesche Prozess a si ka mat deemselwechten Argument begrënnt gi wéi ech virdrun d'Moossname begrënnt hu fir d'Frae méi um politesche Prozess ze bedeelegen, Madame Wagener.

Ech mengen, dass d'Wahlpflicht et och méiglech mécht, dass net Wielerschichten aus der politescher Verantwortung entlooss ginn, déi vläicht aus sozialen oder kulturellen Ursaachen eng Tendenz kéinten hu sech ofzesonnere vun enger Gesellschaft, déi si souwisou marginaliséiert. Op där anerer Säit, mengen ech, verhënnert et och d'Verselbststännegung vun der representativer Demokratie an d'Erausbildung vun enger Politikerkast, déi sech nëmme fir de Bildungsbiergertum géif verantwortlech fillen an dat einfacht Vollek géif lénks leie loossen.

Am Avis vun „déi Lénk" un den Innenminister vum September 2000 zur Wahlgesetzreform, deem seng Propositiounen ech elo wesentlech duergestallt hunn, hu mer eis - an dat ass erëm ee Punkt, wou mer eis eigentlech ënnerscheede vun anere heibannen - och ausgeschwat fir d'Bäibehale vum Panachage an, wéinstens fir de Moment, och fir d'Bäibehale vun de Wahlbezierker, an zwar mam Argument dass dat méi eng reell Représentatioun vun de Bierger erméiglecht.

An ech fannen et eigentlech komesch, dass zum Beispill esou Parteie wéi d'DP an den ADR, déi dofir antriede bei dem Fraewahlrecht et misst Konkurrenz sinn, et misst no der Kompetenz gekuckt ginn an esou weider, dofir däerft d'Wahlrecht net ageschränkt ginn, awer antriede fir d'Wahlbezierker bäizebehalen. Wann d'Wahlbezierker bäibehale ginn...

***(Interruption)***

Et ass eng Cotéierung, effektiv, wann d'Wahlbezierker bäibehale ginn. An do kann een och hinnen entgéinthalen, dass déi Leit aus deene méi klenge Bezierker, wa se wierklech kompetent sinn, jo och bei allgemengen nationale Wahlen da wäerte gewielt ginn. An et ass jo och schonn hei gesot ginn, bei Europawahle wier dat wäitgehend de Fall, esou dass am Fong geholl eng Contradictioun ass an der Argumentatioun vun deene Leit.

Ech mengen awer, dass ee laangfristeg trotzdeem muss nodenken iwwer aner Modeller, déi et erlaben op enger Säit eng regional Representativitéit ze erméiglechen, ouni dass gläichzäiteg et noutwendeg ass zum Beispill am Oste 14,3% vun de Stëmmen ze hu fir ee Sëtz ze kréien, während awer am Süden 4,2% duerginn. Ech fannen, dat ass eng Disproportioun déi zimlech flagrant ass.

Weider triede mer a fir eng Erëmupassung vun der Députéiertenzuel un d'Bevölkerungsentwécklung, déi jo eng ganz däitlech Entwécklung no uewe mécht. Ech mengen och schliesslech, dass d'Rechemethod vum Reschtsëtz misst demokratiséiert ginn, Method, déi déi grouss Parteie bevirzucht.

Ech wëll ofschléisse mat der Bemierkung, dass selbstverständlech deenen allermeeschte vun deenen Ureegungen, déi mir gemaach haten an der Virbereedung vun dësem Gesetz, net Rechnung gedroe ginn ass. Ech hunn héieren d'DP ass awer ganz zefridde mat deem Resultat wat derbäi eraus komm ass. Dat Resultat bedeit an eisen Aen, dass Lëtzebuerg eng partiell a confisquéiert Demokratie weiderhi wäert bleiwen an dofir wäert ech mech och net mat engem positive Vote zu deem Gesetz hei ausdrécken.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. 80 Joer nom Aféiere vum Fraewahlrecht huet 1999 den Undeel vun de Fraen am Parlament bei 16,7% geleeën. Fir d'Europaparalament ass keng Fra direkt gewielt ginn. Um Gemengenniveau hate mer e Prozentsaz deen an d'Luucht gaangen ass, mä awer ëmmer nach nëmme bei 15,4% läit.

Déi niddreg Représentatioun vun de Frae gëtt net nëmme vun deene Gréngen ugeprangert, mä och vun der Lëtzebuerger Bevölkerung. Et gëtt e Sondage vun der ILReS aus deem erauskomm ass, dass iwwer 60% vun der Bevölkerung antriede fir méi eng staark Presenz vun de Fraen, a 57% souguer fir d'Paritéit op de Wahllëschten.

Am Virfeld vun där Diskussioun, déi mer haut féieren, sinn et eng Rei Debatten an der Chamber ginn, 1999 an 2000, wou eng ganz Rei vu konkrete Propose gemaach ginn ass, wéi een deem dote Problem kéint ophëllefen. Zum Beispill huet déi gréissten Daachorganisatioun, de Conseil national des Femmes, proposéiert ee Plan national fir eng équilibréiert Participatioun vun de Fraen opzestellen. Doniewent sinn Enquêtë gemaach ginn.

Ech erënneren zum Beispill un déi iwwert d'Presenz vun de Fraen an de Commissions consultatives vun de Gemengen, oder déi vun de Fraen an de Gemengeréit.

Et ass also versicht ginn dat Thema esou breet wéi méiglech ze diskutéieren. Ech mengen, et ass och ee Sujet, dat weisen d'Zuelen déi ech virdru genannt hunn, deen d'Leit dobaussen interesséiert. Dee Projet de loi, dee mer awer haut hei virleien hunn, do kënnt dat Wuert Fraen a Participatioun vun de Fraen emol net vir. Keng eng vun de Propositiounen, déi vun der Commission à l'égalité des chances heibannen an deene verschiddenen Débatë gemaach gi sinn, gouf berücksichtegt. Keng eng Mesure, déi op d'Participatioun vun de Frae géif ofzile fir déi ze verbesseren, ass dran opgeholl ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Kommissioun vun der Egalitéit huet zu dësem Projet een Avis gemaach. Deen ass bis elo nach net ganz vill heibannen diskutéiert ginn an e schéngt mer och an der Commission de l'Intérieur weider net zur Sprooch komm ze sinn.

***(Interruption)***

Ech hunn do aner Saache gehéiert. Da musse mer och do nach eng Kéier de Verbatim nolauschtere fir dat ze klären, mä ech hunn awer och den Androck gehat, wéi ech d'Rapporte gelies hunn, dass dat net dat gréissten Thema gewiescht wär.

Als Rapportrice pour avis vun deem Rapport géif ech wëlle menger Fraktiounsmataarbechterin merci soen, déi am Fong de gréissten Deel vun der Aarbecht geleescht huet a vläicht och drop hiweisen, dass déi Gréng déi eenzeg heibanne sinn, déi sech de Luxus leeschte fir ënnert hirem Personal eng Persoun ze hunn, déi sech spezifesch mam Thema Fraepolitik ausenanersetzt. Dat huet och méiglech gemaach, dass mer eis konnten als Kommissioun méi am Detail mat där Problematik ausenanersetzen an e Rapport virleeë pour avis, dee jo net nëmmen à l'unanimité ugeholl ginn ass, mä deen och vun alle Säite begréisst ginn ass. Vläicht ass dat och eng Suggestioun un déi aner Parteien, wéi ee sech kéint an Zukunft mat der Fraepolitik ausenanersetzen.

Här President, an deem Rapport sinn eigentlech virun allem zwou Konklusioune gezu ginn, zwee Punkte wou ee ganz konkret hätt kéinten eppes maache fir d'Participatioun ze verbesseren, déi iwwregens net nei sinn, mä déi schonn a Motiounen heibannen ugeholl goufen. Dat eent ass eng Subvention financière fir d'Parteie wa se Fraen op hire Lëschten opstellen. Dat anert ass d'Institutionaliséierung vum Observatoire vun der Représentatioun vun de Frae bei de Wahlen, wou schonn 1999 eng ganz wichteg Aarbecht geleescht ginn ass.

Et schéngt awer esou ze sinn, wéi wann déi zwee Punkte guer keen Intérêt, weder bei der Kommissioun nach um Niveau vum Projet de loi selwer, fonnt hätten. An deem Text ass op alle Fall näischt dran erwähnt, an ech froe mech, ob dat net och scho fir déi nächst Wahle wäert Konsequenzen hunn, dann hu mer jo also keng Méiglechkeet fir an déi Richtung ze goe fir d'Parteien ze finanzéieren. Ech hätt och gäre gewosst, leider ass d'Fraeministesch bei dësem Débat net dobäi, ob se gedenkt deen Observatoire ze institutionaliséieren, esou wéi mer et virgeschloen haten heibannen, well och dat, wann et net ëmgesat gëtt, wäert dozou féieren, datt mer emol déi nächste Kéier net wëssen, wéi et da mat der Participatioun vun de Fraen am Detail wäert ausgesinn.

Ech hu virdru schonn d'Diskussioun vun der Commission de l'Intérieur ugeschwat. Ech hu mer soe gelooss, dass och d'Etüd vum Centre Lippmann, déi ganz prezis Propositioune gemaach huet wat d'Représentatioun vun de Frae betrëfft, weider net méi studéiert gouf. Ech mengen, dass dat och e Liicht drop werft wéi heibanne mat Dokumentatiounen, déi ausgeschafft ginn, ëmgaange gëtt. Mir maache groussaarteg Etüden an herno, wann et drëms geet fir Projets de loi ze maachen oder doropshin Diskussiounen heibannen ze féieren, dann hunn déiselwecht Etüden emol net de Wäert vum Pabeier op deem se stinn. Op alle Fall hat de Centre Lippmann do ganz prezis Propose gemaach. Zum Beispill fir Lëschten anzeféieren, wou ee géif eng Paritéit maachen. Dat schéngt sech wierklech net an deem heite Projet niddergeschloen ze hunn.

Eng ganz Rei vun anere Punkte gouf och net opgegraff. Dat eent ass dee vun der Stëmmegläichheet. Dat Thema ass virdru schonn e puermol erwähnt ginn. Et long eng Propositioun vum Statsrot vir, wa Stëmmegläichheet wär, fir dann der Fra de Virzuch ze ginn. Mol net déi Propositioun ass herno zréckbehale ginn.

Et long eng Propositioun vir fir d'Aschreiwe vum Sexe op de Wahllëschten. Do huet d'Commission de l'Intérieur dem Statsrot noginn. Et gëtt zwar dann am Rapport vun därselwechter Kommissioun gesot, d'paritéitesch Représentatioun vu Fra a Männer wär „un point important des discussions parlementaires", an et gëtt dat däitscht Beispill zitéiert. Beispiller vu Frankräich a vun der Belsch, déi op d'mannst esou interessant gewiescht wären, well se wierklech ganz konkret Modeller proposéiere vu quotéierte Lëschten, ginn emol net erwähnt.

Här President, ech fannen et wierklech immens schwéier heibannen ze schwätzen.

***(Discussions en arrière-plan et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Madame Wagener, Är Zäit ass eriwwer. Ech kann lech awer eng gewëssen Zäit urechnen. Mat deem Getässels wat gefouert ginn ass, wéi den Här Gira seng Ried virgedroen huet, sinn dräi Minutte verluer gaangen. Ech hat extra opgepasst. Är Fraktioun huet déi dräi Minutten nach zegutt.

***(Interruption)***

Wat gelift?

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Mir hunn nach Zäit fir d'Motiounen, mir huelen déi dann elo mat an d'Amendementer.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, ass et dann elo esou, datt eist Reglement erëm zielt?

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Dat ass ëmmer wann ee vun der Oppositioun do steet!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech froen, well gëschter huet et nämlech net gezielt. Sot eis wann ech gelift ëmmer wann d'Reglement erëm a Kraaft trëtt, fir datt mer awer wësse wou mer dru sinn.

M. le Président.- Dir sollt net esou klenglech sinn. Ech mengen d'Diskussioun ass de Moien uerdentlech verlaf. Bei allem Respekt fir eist Reglement, wou ech jo dofir do si fir d'Exécutioun ze iwwerwaachen, soll een op där anerer Säit awer och korrekt sinn. Bei der Diskussioun, déi beim Här Gira gefouert ginn ass, ass effektiv vill Zäit verluer gaangen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Esou vill wéi ech weess war et bis elo ëmmer méiglech bei den éischten Interventiounen d'Zäit fir d'Motioune mat dobäi ze huelen. Wann ech zesumme rechnen, am Modell 3 hu mir 45 Minutte Riedezäit, plus 15 Minutte fir d'Motiounen an d'Amendementer.

***(Interruptions diverses et brouhaha général)***

Zu de Motiounen allgemeng!

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech muss zwar hei elo wierklech soen, datt ech mech drop ageriicht hat fir kënnen déi Zäit vun de Motioune mat eran ze huelen, well soss kann ech elo d'Halschent vu menger Ried an d'Dreckskëscht puchen. Domat sinn ech awer net averstanen. Ech géif dat scho gären esou développéiere wéi ech mer dat virgeholl hat.

Ech hat virdru vum Aschreiwe vum Sexe op d'Wielerlëschte geschwat an do ass anscheinend och an der Commission de l'Intérieur d'Wichtegkeet dovunner net erkannt ginn an och beim Statsrot hunn ech d'Gefill, wann ech deen noliesen, datt guer net verstane ginn ass ëm wat datt et hei eigentlech géif goen. Här President, ech hat d'Éier virun e puer Joer kënnen e puer Wochen am Keller vum Innenministère ze verbréngen, wéi ech meng Magisteraarbecht geschriwwen hunn iwwert d'Participatioun vun de Fraen, an ech hu mech do konnte mat där Thematik ausenanersetze fir erauszefannen, ob et Fraen oder Männer woren, déi kandidéiert hunn.

Mir hunn zu Lëtzebuerg esou Virnimm wéi Dominique, Camille oder Claude, wou een net ka soen ob dat e Mann oder eng Fra ass. Bei deenen heitege Wahlen ass et vläicht nach méi einfach déi Saach erauszefannen, mä et geet eigentlech drëms, datt een op eng einfach Aart a Weis - den Här Wolter laacht elo iwwert déi heiten Thematik, mä ech fannen dat eng relativ wichteg Saach - ka Statistiken opstellen. Dat betrëfft net nëmmen d'Fraen, dat betrëfft och déi aner Donnéeën, déi bei de Wahllëschten opgeschriwwe ginn, datt een déi kann op eng einfach Aart a Weis auswäerten. Dat wär am Fong Zil vun deem heite Punkt gewiescht. Dobäi kann een effektiv soen, datt dat en niewesächleche Punkt ass. Et wär ee vun deene ganz wéinege gewiescht, deen iwwreg bliwwe wär, wou d'Frae betraff gewiescht wären. Mä och deen huet sech emol net duerchgesat.

Dat also zu deene Punkten, wou een hätt kéinten nach eppes maachen. Mir haten natierlech och eng ganz Rei vun aneren Amendementer eraginn, déi vill méi wäit gaange wären. Den Här Gira huet schonn oft drop higewisen, datt mer Propositions de loien agereecht haten iwwert d'Quotéierung, datt mer oft proposéiert haten d'Iddi vum Statsrot opzegräifen an nach auszeweide bei der Stëmmegläichheet. Dat wären eng ganz Rei vu konkrete Punkte gewiescht, an natierlech hätte mer eis och ausgeschwat fir d'Aschreiwe vun deem Observatoire, wa mer net der Meenung wären, datt de Fraeministère awer schéngt wëllen op de Wee ze goe fir déi Institutionaliséierung elo weider ze dreiwen.

Ech wëll dann awer och ee Wuert zur Roll vum Fraeministère hei soen, dee jo, wéi mer gesinn, net hei ass, a wou ech och den Androck hunn, datt e bei der Ausschaffung vun dësem Projet de loi net erugezu ginn ass. An do stellt sech dann awer ganz kloer d'Fro vum Mainstreaming. Dat ass e Wuert, wat ganz vill gebraucht gëtt, mä wou een d'Gefill huet, datt weder heibannen nach an der Regierung vill Leit sinn, déi verstinn ëm wat datt et do geet. An och do wëllt ech de Conseil national des Femmes zitéieren, dee seet: „La notion perspective du genre en est totalement absente du projet de loi."

Dofir wëll ech och dem Här Wolter d'Fro stellen, ob d'Madame Jacobs eigentlech bei der Préparatioun vun deem Projet de loi dobäi war? Ob eigentlech d'Déléguée à l'égalité vum Intérieursministère bei der Ausschaffung vun deem Projet de loi dobäi war? Ech wëll him och d'Fro stellen, firwat datt dann déi Subvention spéciale, déi mer hei 1999 an enger Motioun festgehalen hate fir Parteien déi eppes fir d'Représentativitéit vun de Fraen op hire Lëschte maachen, net an deem Projet de loi hei ageschriwwen ass? Firwat den Observatoire net an deem Projet de loi hei ageschriwwen ass?

Dat si lauter Beispiller dovunner, datt dee Begréff Mainstreaming eigentlech hei zu Lëtzebuerg ni mat Inhalt gefëllt gëtt, obwuel d'Regierung sech dozou engagéiert huet fir bei alle Projets de loi, do wou fraespezifesch Aspekter kënne virkommen, déi Iddien ze analyséieren a gegebenefalls dann och de Projet de loi unzepassen.

Här President, deen heite Projet weist wéi wäit d'Lëtzebuerger Regierung an och d'Majoritéit hei am Parlament op dësem Gebitt vun der Gesellschaftspolitik an der Diskussioun hannendra sinn a wéi wéineg Sensibilitéit bei de Parteie besteet fir d'Thema vun der Paritéit. Eigentlech misst awer d'Regierung, wa se sech konsequent wär, wa mer deen heite Vote geholl hunn, all déi Konventioune kënnegen, déi Lëtzebuerg op internationalem Plang ënnerschriwwen huet, an all déi Engagementer, déi se an de leschte Joren a Jorzéngten agaangen ass, déi virgesinn datt Lëtzebuerg alles mécht fir zu enger besserer Représentativitéit vun de Fraen ze kommen. Da misst een och esou konsequent sinn an der Öffentlechkeet dat soen, datt een eigentlech guer net gewëllt ass op deem doten Niveau eppes ze maachen.

Ech wëllt dann och een Zitat nach um Schluss bréngen, wou ech fannen, datt en dat ganz gutt bréngt: „Die Gleichstellungspolitik ist das Ziel jedes europäischen Staates geworden. Sie ist aber keine Frage der Zeit, sondern erfordert Analysen, Anreizsysteme, Instrumente, Programme, Gesetze, Subventionen und Strategien um die gewünschte Gleichheit herzustellen."

Här President, dat soen ech net eleng, mä dat heiten ass en Zitat vun der Madame Dörner, déi net nëmme Presidentin vum Conseil national des Femmes ass, mä wou ech meng Hand wëllt an d'Feier dofir leeën, datt se op där nächster Wahllëscht vun der CSV wäert mat drop stoen.

Här President, nach vläicht just ee Punkt um Schluss, obwuel et relativ schwéier ass hei géint de Kaméidi unzegoen. Mir hunn an der Commission des Institutions och iwwert d'Frae geschwat. Dat ass schonn e bësse méi laang hier. Schonn an der leschter Legislaturperiod ass festgehale ginn, datt den aktiven Asaz fir d'Chancëgläichheet soll eng Aufgab vum Stat sinn an et ass eng Propos gemaach ginn. Déi Propos ass am Joer 2000 amendéiert ginn a si läit elo beim Statsrot.

Déi dote Verfassungsännerung misst eigentlech d'Grondlag si vun deene positiven Aktiounen, déi ech elo grad hei beschriwwen hunn. Vläicht, an ech hoffen datt déi Änderung deemnächst wäert kënnen an den Text vun der Verfassung ageschriwwe ginn. Et ginn Unzeechen dofir, datt de Statsrot deemnächst zu engem Enn vu sengen Aarbechten an deem Beräich kënnt. Vläicht kann déi Verankerung e Mentalitéitswandel erbäiféieren, dee sech da vläicht an zéng oder an 20 Joer och zu Lëtzebuerg um Niveau vum Wahlgesetz kéint ausdrécken.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur, de Marco Schank, huet de Moie gesot, datt et sech hei ëm e wichtegt an ëm e gutt Gesetz handelt. A wann ech d'Debatten hei richteg nogelauschtert hunn, dann hunn ech net op allen, mä op deene meeschte Bänken déiselwecht Ausso duerch d'Bank eraushéieren, datt et sech ëm e gutt an e wichtegt Gesetz handelt.

Wat schued ass, dat ass datt bei esou engem Gesetz nees eng Kéier ronderëm vill gedréint a gesponne ginn ass an datt domadder d'Essenz vun deem wat mer en fin de compte hei maachen nees eng Kéier e bësselche verschwënnt. Ech stelle mer eigentlech d'Fro wat déi, déi eis dobaussen nokucken an nolauschteren, esou gutt gëschter wéi haut, eigentlech dovun hale wann d'Parlament sech hei méi mat Minutten, déi deen een oder deen anere schwätzt, ofgëtt, respektiv mat Prozeduren, wéi mam Fong vun enger Saach. Ech mengen net, datt dat e gutt Bild no bausse gëtt.

De Moien ass vill hei geschwat ginn, Här President, vun dem Wuert Demokratie an et ass vun enger Rei vu Riedner ëmmer erëm ënnerstrach ginn, dass den zoustännege Minister fir dëst Gesetz versicht huet e Konsens ze fannen. A wann een dann an deemselwechte Kontext dat Wuert Demokratie gebraucht, da muss een emol gesi wat dann en fin de compte hei geschitt ass.

Normalerweis ass et jo esou, dass bei enger Problematik an engem Koalitiounsaccord, well mer jo d'Majoritéit an d'Oppositioun hunn - d'Demokratie lieft vu Majoritéit op där enger Säit an Oppositioun op där anerer Säit -, déi grouss Linne festgehale ginn, déi an de Projet dra stoe kommen. An da geet et esou, dass den zoustännege Minister e Projet ausschafft, der Regierung dee virleet, da kënnt en hei an d'Chamber an da beréit d'Chamber driwwer. Dat ass déi normal Prozedur. Dat ass an dësem Fall net gemaach ginn.

An dësem Fall stung net am Koalitiounsaccord dran, wat en fin de compte an dat Gesetz hei soll erakommen. An dësem Fall huet den Innenminister net a sengem Ministère e Projet ausgeschafft, der Regierung dee virgeluecht an en an d'Chamber ginn, mä hien huet am Virfeld, well déi verschidde Gruppéierungen, Parteien a Fraktiounen an dëser Thematik ganz divergent Meenungen hunn - an dat ass keng Fro elo à l'intérieur vun der Koalitioun, all Partei huet seng Vuen hei, berechtegt oder onberechtegt, an deenen engen Ae berechtegt, an deenen aneren net, dat ass nun eben emol esou -, versicht emol ze sondéieren: Wat ass dann an deem Parlament do majoritéitsfäeg? Wou sinn déi Punkten, wou sech méiglechst vill vun deenen, déi heibanne sinn an déi jo och ganz oft Lokalpolitiker sinn - well jo hei och villes mat Gemengewahlen ze doen huet -, drop ralliéiere kéinten? Dat huet hie gemaach. Hien huet déi Sondagë gemaach. An opgrond dovunner ass hien higaang an huet e Gesetzesprojet ausgeschafft.

Ech muss lech soen, Här President, wann ech dat dote vergläiche mat deene Prozeduren déi mer soss normalerweis an eisem parlamentaresche System hunn, da muss ech awer soen, dass dat Wuert Demokratie, wat de Moien esou vill hei gebraucht ginn ass, grad just op deen dote Projet zoutrëfft, well hei ee Minister net vun uewen erof dekretéiere gaangen ass, wat dann elo seng Meenung vu sengem Haus war, dat an der Regierung duerchgesat huet an dann heihinner an d'Parlament komm ass, mä hie versicht huet de Feeling vun de Gruppéierunge vun dësem Parlament ze kréien, fir e Projet auszeschaffen. Dementspriechend kann ech vun eiser Säit nëmmen dem Minister Wolter félicitéiere fir déi Manéier an déi Aart a Weis wéi hie bei dësem Projet virgaangen ass, fir méiglechst vill Meenunge mat eran ze kréien.

Här President, haut de Moie gouf hei ganz vill vun Demokratie geschwat an et gouf sech referéiert op zwee Amendementen déi d'Kommissioun ugeholl hat, wou se sech awer zu engem gewësse Moment raviséiert huet an déi fale gelooss huet, fir ze soen hei wär et net demokratesch zougaangen an hei wär et net mat rechten Dénger zougaang. Virun allem de mandatéierte Spriecher vun de Gréngen huet gesot, dat wier alles ondemokratesch gewiescht, de Minister wier an eng Kommissioun komm an hätt do der Majoritéit gesot, wou et elo soll lang goen.

Esou war et net, Här President, an ech wëll hei soe wéi et an der Realitéit gaangen ass. Fir d'éischt hunn ech emol eng Contradictioun fir...

M. Une voix.- Här Weiler, Dir waart net dobäi.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir waart jo net do.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Jo, mä da waart emol. Dir verléiert näischt andeems Der emol eng Kéier ofwaart, fir ze héiere wat ech wëll soen. Wann Der dann nach net d'accord sidd, da kënnt Dir lech och jo nach ëmmer zu Wuert mellen.

Fir d'éischt huet den Här Gira gesot: „Den Här Minister huet décidéiert, wat an der Kommissioun geschitt." Zur selwechter Zäit huet hien awer gesot: „Déi zwee Fraktiounschefen hunn hire Leit gesot..." Jo, wie war et dann elo? War et de Minister oder waren et d'Fraktiounschefen oder wie war et dann elo en fin de compte? Ech kann lech just soen, awer ech hätt gären d'Fairness, dass dat wéinstens zur Kenntnis geholl gëtt, wat déi zwee Punkten ubelaangt, notamment de Signe distinctif op de Listes électorales an d'Fro vun der Incompatibilitéit vum nationale Mandat mat deem europäesche Mandat - dat ware jo déi zwou Froen, wou Amendementen do waren, déi zréckgeholl gi sinn -, dass do weder de Minister nach soss ee bei der Majoritéit vun dësem Parlament intervenéiert ass fir dëst oder dat ze maachen.

Déi zwou Majoritéitsfraktioune waren d'accord fir déi Amendemente mat op de Wee ze ginn. Duerno hu mer eis Käpp awer nach eng Kéier zesumme gestreckt a mir hunn emol gekuckt an iwwerluecht, wat dann en fin de compte d'Argumenter wären, déi fir déi Amendemente plädéiert hunn, a wat d'Argumenter wären, déi awer och dergéint plädéieren.

***(Interruptions)***

Lauschtert emol, Här President.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Ech kann lech nëmme just soen, dass déi zwou Majoritéitsparteien déi dote Froe mateneen eng Kéier duerchdiskutéiert hunn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här Weiler, wat ass Äre Message? Dee versti mir elo net. Soll ech lech soen, wat ech verhalen hunn?

***(Interruption et coups de cloche de la Présidence)***

Et ass seelen, dass esou vill Amendementen do sinn, also kann de Minister oder d'Majoritéitsparteien net esou op gewiescht sinn.

Här President, ech verstinn dem Här Weiler säi Message net.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, ech kann lech soe firwat den Här Krecké dat net versteet.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech soen lech eent, Här Weiler, wann den Här Minister an d'Majoritéitsparteien esou gutt geschafft hunn, firwat hutt Der da 40 Amendementen? Esou vill Amendementer hu mer seelen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ma lauschtert emol, déi Gréng wäerten dach sécher d'Recht hunn an enger Demokratie hir Amendementen ze bréngen. Dir waart jo och an der Kommissioun géint déi meescht Amendementen, déi déi Gréng erabruecht hunn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Firwat da 40 Amendementen? Dat hu mer seelen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Wann Der e Konsens sicht, Här President, da kënnt Der deen net op alle Punkte fannen. Et ass wéi de Minister virdru gesot huet, eng Liste électorale hei am Land, ee Wahlbezierk, esou eng Propos brauch hien net ze maachen, well dat gëtt jo vu kengem Mënsch ugeholl.

An dann, Här Krecké, wëll ech lech soen, well Der dat jo net verstitt, dass ech lech elo géif bieden nozelauschteren, well Dir waart virdrun net hei, well soss hätt Der dat matkritt, wat den Här Gira hei gesot huet...

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech hunn et matkritt.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ech wëll just soen, dass dat net esou war. D'Majoritéitsfraktiounen hunn, ouni mam Minister Récksprooch geholl ze hunn, sech drop gëeenegt fir déi zwee Amendementen, déi do waren, en fin de compte net unzehuelen, aus Grënn...

***(Brouhaha général)***

Här Graas, schwätzt mam Här Rippinger. Dee kann lech dat soen. Ech wëll lech soen, Här President,...

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, ech stelle fest dass ech net deen Eenzege sinn, deen net versteet.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, ech wëll un dem Beispill...

***(Interruptions)***

...vun den Incompatibilitéiten tëschent dem nationale Mandat an dem europäesche Mandat däitlech maachen: Mir waren zu engem gewësse Moment d'accord fir an d'Gesetz ze schreiwen, dass et net geet dass een zur selwechter Zäit am Europaparlament ka sinn an am nationale Parlament. Mir hunn eis awer iwwerluecht dass, wann een...

Une voix.- Wien ass mir?

M. Lucien Weiler *(CSV).*- D'Majoritéit huet sech dat iwwerluecht an dofir huet se dat décidéiert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Den Här Rippinger...

M. le Président.- Haalt wann ech glift op mat deenen Tëschebemierkungen!

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, sot emol dem Här Gira hie soll och emol ee Moment déi aner Leit schwätze loossen. Mir hunn hie jo och virdrun hei laang riede gelooss.

***(Interruptions)***

Här President, mir fannen et net normal dass een higeet an dem Wieler sonndes moies d'Méiglechkeet gëtt fir e Kandidat op zwou Lëschten ze stëmmen, op enger nationaler Lëscht an op enger europäescher Lëscht, an zur selwechter Zäit verbitt een awer dem Deputéierte fir dann hinzegoen an déi zwee Mandater unzehuelen. Dat ass e Corollaire.

Mir si selbstverständlech fir nëmmen ee Mandat, mä mir sinn awer och dofir, dass een nëmmen op enger Lëscht ka kandidéieren. Et ass dach de Wieler un der Nues erëmgefouert, wann een him moies d'Méiglechkeet gëtt den Här Krecké op der Europalëscht ze stëmmen, an de Wieler mécht dat dann, well hien den Här Krecké gären am Europaparlament hätt, an owes hëlt den Här Krecké dat nationaalt Mandat un, hie geet net an d'Europaparlament. Här President, et gëtt e Corollaire...

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Loosst dach de Riedner schwätzen!

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, meng Fraktioun war déi eenzeg, déi sech ewell virun de leschte Wahlen ausgeschwat huet a proposéiert huet mir sollen nëmme méi op enger Lëscht kandidéieren. Mir waren déi eenzeg Partei, déi déi leschte Kéier higaangen ass - a mir haten nach vill Mandatairen, déi mer hätte kënnen op déi Lëscht setzen - an en Drëttel vun de Leit op d'Europalëscht gesat hunn, déi net op den nationale Lëschte kandidéiert hunn, fir emol en Zeechen ze setzen, datt mer sollen an déi Richtung goen. Mir hätten also gären...

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Här President.

M. le Président.- Dir Hären, wa mer esou weiderfueren, dann hiewen ech d'Sitzung op. Dat doten ass dach keng Chambersitzung. D'nächst Woch ass eréischt Fuesend.

Loosst dach den Här Weiler schwätzen! Wann engem eppes net geet, da kann hie jo nach herno d'Wuert verlaangen, a wann hien nach Zäit zegutt huet kann hie jo eng Kloerstellung maachen.

Une voix.- Mir hu guer näischt gesot.

M. le Président.- Ech appeléieren hei u jiddfereen hie soll Disziplin wahren a sech behuele wéi et sech gehéiert. D'Leit, déi dobaussen nokucken, froe sech jo wou se hei eragerode sinn. Ech fannen dat ass onerhéiert.

Hei soll iwwer ee seriöt Gesetz, e wichtegt Gesetz, wat vu jiddferengem verlaangt ginn ass, wou awer divergent Vuë sinn - wat normal ass - diskutéiert ginn an herno ass et d'Mehrheet déi décidéiert, ob et esou oder esou gemaach gëtt. Ech mengen dat ass dat Demokrateschst vun der Welt an duerfir soll een och e Riedner, deen eng aner Opfaassung huet wéi ee selwer, schwätze loossen. Dat ass Demokratie an net wann een deen niderjäizt.

Här Weiler, fuert Dir elo virun an déi aner si roueg a lauschteren no!

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Merci, Här President. Här President, ech wollt nach eng Kéier soen, wa mir en fin de compte mengen, dass deen Amendement do net noutwenneg wier fir en an d'Gesetz anzeschreiwen, dann ass dat well mir jo d'Realitéite kucke mussen.

Éischtens ass et esou, dass mer eis an deene leschte Joren ëmmer eens waren. Et gëtt jo keen Deputéierten, deen déi zwee Mandater ugeholl huet. Mir hunn also emol éischtens eng Praxis.

Zweetens muss ech zu deem soen, wat den Här Gira vidrun hei gesot huet, wéi hie gesot huet et kéim eng europäesch Direktiv, déi misst an nationaalt Recht ëmgesat ginn, an dass déi Incompatibilitéit do souwisou dann do dra stoe kéim, dass dat net richteg ass. Et kënnt keng europäesch Direktiv, déi muss an nationaalt Recht ëmgesat ginn. Et gëtt eng Décisioun vum Conseil vum 25. Juni 2002 an eng vum 23. September 2002, déi schreift déi Incompatibilitéit do vir. Am Artikel 2 steet dran: „à partir de l'élection au parlement européen" vun 2004 „la qualité de membre du parlement européen est incompatible avec celle de membre d'un parlement national."

Här President, déi doten Décisioun vum Conseil, déi ass haut schonn a Kraaft. Dat ass eng Décisioun, déi ass rechtsbindend hei am Land. Ob mir elo an dat Gesetz deen Amendement, dee mir preparéiert haten, dra schreiwen oder net, dat ass absolut superfétatoire, well hei ass de Moment eng rechtverbindlech Décisioun, keng Direktiv, Här Gira, déi muss an d'Nationalrecht ëmgesat ginn. Dir hutt lech do geiert oder dat net gutt studéiert gehat. De Moment hu mir eng europäesch Norm, déi sech Lëtzebuerg imposéiert an et ass kengem Deputéierten erlaabt, fir an zwee Parlamenter ze tagen.

Et bleift derbäi, Här President, well jo gefrot gëtt, firwat dass mer en fin de compte dat dach awer net an den Text ageschriwwen hunn. Mir hätten näischt dergéint gehat wann et an den Text ageschriwwe gi wär, obschonns et net noutwendeg ass, mä mir sinn eis awer net eens op enger anerer Fro, Här Asselborn, an do kënnt Dir Faarf bekennen.

Verbidde mer elo endlech, dass kann deeselwechten Dag op zwou Lëschte kandidéiert ginn, fir d'nationaalt Parlament a fir d'europäescht Parlament? D'CSV huet virun de leschte Wahle gesot, mir soen et haut erëm a mir trieden och an Zukunft derfir an, et soll verbuede sinn deeselwechten Dag op zwou Lëschten ze kandidéieren, well dat ass de Wieler un der Nues erëmgefouert. Mir hunn awer keen Accord driwwer an ech weess net wat d'Haltung vun der sozialistescher Fraktioun dozou ass? Hei ass eis Meenung, dass dat net geet an dass mer dat endlech solle verbidden, fir kënnen op zwou Lëschten ze kandidéieren. De Wieler soll kloer an däitlech wëssen, wann e säi Kräiz moies mécht, geet deen do an d'nationaalt Parlament oder geet en an d'europäescht Parlament. Dat ass eis Haltung.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Dir musst lech mat der DP an d'Rei maachen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Mä d'Demokratesch Partei huet eng aner Vue an där Fro, an dofir ass dat elo hei net regléiert. Ech weess allerdéngs net, wéi d'sozialistesch Fraktioun déi dote Problematik gesäit.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir waart net hei wéi den Här Klein alles erkläert huet.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Da sot mer et nach eng Kéier.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir musst hei sinn.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, den Här Krecké interpelléiert mech ëmmer gären hei, mä ech géif hien emol gäre froen, ob d'sozialistesch Fraktioun dann der Meenung ass, et soll ee kandidéiere kënnen op deenen zwou Lëschten deeselwechten Dag, jo oder neen?

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Dir hätt sollen den Här Minister schwätze loossen. Dat wär besser.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Gitt mer emol eng Äntwert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir hätt sollen hei sinn. Den Här Klein huet alles explizéiert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ech hunn dem Här Klein seng Ried vun der éischter Silb bis déi lescht nogelauschtert. Ech hunn net erausfonnt, ob d'sozialistesch Fraktioun dann elo derfir oder dergéint ass. Här Asselborn, Här Fraktiounschef, Dir sidd jo allenzwee hei, sot eis et op dëser Plaz.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Här President, ass dat hei en Oral vum Här Weiler un d'Chamber oder wat ass dat hei? E soll seng Ried halen a sech sëtze goen, dass mer weider kommen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, ech insistéieren net, mä ech stelle just fest dass d'sozialistesch Fraktioun hei net bereet ass kloer an däitlech ze soen, ob se fir d'Candidature unique ass oder ob se fir Kandidaturen op deenen zwou Lëschten ass. Hei wär d'Geleeënheet gewiescht fir dat ze soen, awer mir sinn et net gewuer ginn.

An dann, Här President, kommen ech zum Schluss nach eng Kéier op d'Wuert Demokratie zréck. D'Demokratie en fin de compte, déi spillt sech hei am Parlament of. Déi Gréng hu 45 oder 46 Amendementer zu dësem Projet abruecht. Déi sinn duergeluecht an explizéiert ginn. Si sinn iwwregens och laang an der Kommissioun diskutéiert ginn. Et kann ee jo net soen, dass d'Demokratie net gespillt hätt an der Kommissioun. Den Här Gira huet dat fairerweis zouginn. An der Kommissioun sinn hir Amendementer net nëmmen zur Kenntnis geholl ginn, mä se sinn och diskutéiert ginn. Haut am Parlament stëmme mer driwwer of, wéi een Text dann en fin de compte a Kraaft triede wäert. Mir stëmmen of iwwert d'Amendementer an da gesi mer wou d'Majoritéite sinn. Här President, dat ass Demokratie.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir dass hei keng Ambiguïtéit entsteet tëschent dem Här Graas, menger Fraktioun a mir, an op där anerer Säit awer eng Identité de vue mam Här Weiler bestanen huet, wëll ech folgend Berichtegung maachen:

Dënschdes de 14. Januar huet den Här Graas mech ugeruff, ech war dee Moment am Ausland, an huet gesot et kommen ongefeier 5 Amendementer de Mëtteg an der Kommissioun, wouvu mer mat zwee do net kënnen d'accord sinn a wou mer och ëmmer am Virfeld gesot hunn, mir wären net d'accord. Dat war a mengen Aen déi Ineptie vun dem Männlechen an dem Weiblechen op der Wahllëscht. Dat anert war déi Geschicht mat der Incompatibilitéit vum Europamandat an dem nationale Mandat.

Ech hunn dunn den Här Weiler ugeruff an ech hunn zum Här Weiler gesot, mir kënne mat zwee Amendementer net d'accord sinn. An dunn hu mir zwee ënner anerem ofgemaach, net ofstëmmen ze loossen an der Kommissioun, sondern mir hu gesot, loosse mer emol déi Amendementer bei de Conseil d'Etat schécken a kucke wat de Conseil d'Etat seet.

***(Interruption)***

Den Här Gira war jo net dobäi, dofir froen ech mech, wat Dir dozou ze soen hutt? Dir wësst alles besser hei. Déi Gréng wëssen alles besser an den Här Gira ganz besonnesch. Dir waart jo bei deem Gespréich net dobäi.

Dunn ass awer an der Kommissioun ofgestëmmt ginn éier déi Amendementer bei de Conseil d'Etat gaange sinn. Mir hu bei deem engen dergéint gestëmmt. Dat war dee vum Männlechen a Weiblechen op der Wahllëscht. Bei deem aneren hu mir eis enthalen. Dat ass déi chronologesch Reiefolg an och déi historesch Wourecht. Eppes aneschters kann een dozou net soen. Dat hei steet net am Koalitiounsprogramm, et ass also autoriséiert, dass jiddfer Partei a jiddfer Fraktioun hir eege Meenung dozou ka soen.

Ech hunn och ee ganz grousst Verständnis, dass de Minister versicht huet - och heibannen - bei dësem Gesetzesprojet eng Majoritéit ze

Nous saluons dans ce contexte la déclaration sur les aspects des droits de la propriété intellectuelle qui touchent au commerce (APDIC) et qui a été adoptée par la dernière conférence ministérielle de l'OMC à Doha, en novembre 2001. Rappelons que cette déclaration indique que l'accord sur les APDIC, comme il est convenu de l'appeler en langage technocratique, peut et devrait être interprété et mis en œuvre d'une manière qui appuie le droit des Etats membres de l'OMC de protéger la santé publique et, en particulier, de promouvoir l'accès de tous aux médicaments. Le Luxembourg a bon espoir que les travaux en cours à Genève permettront de régler les dernières divergences sur les conséquences pratiques à tirer de cette déclaration, qui est un bon exemple de ce qu'il est convenu d'appeler la cohérence des politiques.

Le principe de la cohérence des politiques tel que nous l'entendons est un principe de bon sens qui signifie que l'on ne peut pas retirer de la main gauche ce que l'on donne de la main droite. Autrement dit, les politiques de lutte contre la pauvreté menées en faveur des populations les plus démunies des pays en développement ne doivent pas voir leur impact annihilé par les effets d'autres politiques déployées à l'échelle internationale.

Ainsi, la politique suivie au niveau de l'OMC en matière de propriété intellectuelle sur une série de médicaments essentiels à la protection de la santé publique est bien cohérente par rapport aux objectifs de développement du Millénaire qui prévoient d'enrayer la propagation du VIH/SIDA et de commencer à inverser la tendance actuelle. Il y a dans ce cas cohérence des politiques menées en matière de commerce international et en matière de coopération au développement.

S'il importe de tant insister sur l'impératif de la cohérence des politiques, c'est parce qu'il constitue un défi permanent. Le traité instituant la Communauté européenne y fait d'ailleurs une référence explicite dans ses articles 177 et 178 en disposant que, dans les politiques qu'elle met en œuvre et qui sont susceptibles d'affecter les pays en développement, la Communauté doit tenir compte de l'objectif d'un développement économique et social durable des pays en développement et plus particulièrement des plus défavorisés d'entre eux.

A Genève, les travaux sur le processus de réforme et de libéralisation des politiques commerciales au niveau mondial se poursuivent sur base de l'accord intervenu à la Conférence de Doha en novembre 2001, dans le cadre du nouveau cycle de négociation qui est censé être placé sous le signe du développement. Les premiers résultats seront présentés à la cinquième conférence ministérielle de l'OMC qui doit se tenir en septembre prochain à Cancún au Mexique. Un chapitre important dans ce contexte portera sur le volet agricole.

Eu égard à l'impératif de la lutte contre la pauvreté et à l'objectif d'un développement durable, une première conclusion s'impose. A l'heure actuelle, les pays en développement et notamment les pays les moins avancés éprouvent de grandes difficultés à entrer dans des zones de libre-échange comme cela est proposé dans l'Accord de Cotonou, dans le cadre de la négociation d'accords de partenariat économique régionaux. Les politiques à mener aux niveaux national, régional et international doivent résulter dans l'obtention de prix suffisamment rémunérateurs pour les produits agricoles. La création au Sud de marchés agricoles régionaux regroupant des agricultures à productivité comparable et permettant une protection minimale vis-à-vis de la concurrence extérieure serait de nature à avancer vers un tel objectif. A nos yeux, cette démarche pourrait être une réponse appropriée aux besoins alimentaires de nombre de pays en développement. Le maintien et l'essor d'une agriculture vivrière capable d'alimenter les populations de ces pays sont à ce prix.

Les négociations à l'OMC devraient préserver le droit des pays en développement à mener des politiques analogues à celles que les Etats membres de la Communauté Economique Européenne ne se sont pas privés de mettre en œuvre au début des années 1960, lorsque, en créant la Politique Agricole Commune, ils ont opté pour la préférence communautaire.

D'ores et déjà, le Luxembourg appuie les efforts d'intégration régionale des pays en développement, en particulier en Afrique de l'Ouest et en Amérique centrale, où se concentrent d'ailleurs une majorité de nos pays partenaires privilégiés. Cette intégration est préconisée et appuyée par l'Accord de Cotonou, que la Chambre a approuvé l'année dernière. Elle ne manquera pas d'avoir des effets bénéfiques sur le développement des relations commerciales et économiques à l'intérieur des ensembles sous-régionaux ainsi que sur les possibilités d'accès au marché mondial. L'initiative „Tout sauf les armes" qui permet aux pays les moins avancés d'exporter librement leurs produits dans l'Union européenne sous réserve de quelques modalités doit être saluée dans ce contexte.

Nous attachons un intérêt particulier aux efforts des Gouvernements et des organisations paysannes ouest-africaines visant à mettre en place une politique agricole commune au niveau de l'Union Economique et Monétaire de l'Afrique de l'Ouest (UEMOA). Le Luxembourg soutient à cet égard l'action du Réseau des Organisations Paysannes et Producteurs Agricoles qui vise à renforcer ses capacités organisationnelles et à coopérer avec les Gouvernements de la sous-région.

Un autre axe d'action doit conduire à faciliter l'accès de la paysannerie au crédit et à la microfinance en général. C'était précisément l'objet de l'atelier qui vient de se tenir, fin janvier, à Ouagadougou, sur initiative de l'ONG luxembourgeoise SOS Faim, et auquel ont participé des délégués d'organisations concernées de nos quatre pays partenaires privilégiés de l'Afrique de l'Ouest, qui sont tous membres de l'UEMOA. J'ai saisi l'occasion de ma récente visite de travail au Burkina Faso pour encourager cette initiative.

L'appui aux organisations non gouvernementales soucieuses de développer le commerce équitable et de permettre ainsi aux producteurs de café, de cacao, de bananes, d'oranges, de miel et d'autres produits agricoles de se voir proposer des prix plus rémunérateurs fait aussi partie des moyens d'action que le Luxembourg se réserve dans cette difficile question agraire.

Enfin, concernant les organismes génétiquement modifiés et les biotechnologies, qui constituent un volet à part entière de la question agraire, nous affirmons que les principes de précaution, de consentement préalable et de responsabilité doivent prévaloir, conformément aux dispositions de la Convention sur la biodiversité et du Protocole de Carthagène. Ce qui est primordial dans ce domaine est que tout paysan puisse conserver le droit de choisir ses propres semences, l'alternative consistant à se voir confisquer le fruit de son travail par les détenteurs de brevet.

Avant de conclure, j'aimerais revenir sur deux sujets d'actualité. Avec l'élection du Président Lula au Brésil, un espoir immense est né dans le plus grand pays d'Amérique latine. Qui ne pourrait se réjouir des réformes sociales courageuses que son Gouvernement se propose de mener à bien. Elles comportent en particulier une réforme agraire et un plan visant à éliminer la faim au Brésil. Des perspectives prometteuses s'ouvrent également pour les relations entre l'Union européenne et l'Amérique latine.

Par contre, le Gouvernement reste préoccupé par la crise qui continue de sévir en Côte d'Ivoire. Celle-ci est également de nature à fragiliser la situation notamment économique de nos pays partenaires de la région: le Mali, le Burkina Faso, le Niger et le Sénégal. Nous avons examiné en détail cette question avec les Ministres des Affaires étrangères du Mali et du Burkina Faso lors des visites qu'ils ont effectuées au Luxembourg en janvier dernier. Nous félicitons le Gouvernement français des efforts qu'il ne cesse de mener pour trouver une solution à cette crise. Ces efforts ont mené à la signature des accords de Marcoussis, qui ont entre-temps été entérinés par le Conseil de Sécurité des Nations Unies. Nous lançons un appel à toutes les parties signataires de ces accords afin qu'elles les mettent en œuvre de bonne foi et sans retard.

Monsieur le Président, nous pouvons résumer les points forts de la coopération luxembourgeoise de la façon suivante. Elle est soutenue en principe par la grande majorité de la population luxembourgeoise. La coopération est soutenue en principe par l'ensemble des forces politiques au Luxembourg. Il s'agit d'une politique de qualité qui progresse à un rythme soutenu. Cette politique nous permet de donner des impulsions politiques tant au sein des instances communautaires qu'au sein des organisations multilatérales.

Cependant, l'engagement en faveur de la cohérence des politiques trouve ses limites naturelles dans la confrontation avec des intérêts économiques et commerciaux à court et à moyen terme souvent contradictoires, pour ne citer qu'un obstacle. La politique de coopération elle-même n'est pas sans être exposée à des contraintes et des impondérables de taille.

Face à ces contraintes, la solution de facilité consisterait à baisser les bras. Je pense au contraire qu'il n'a jamais autant été nécessaire de persévérer qu'à l'heure où je vous parle. Même si elles opèrent forcément sous la contrainte de nombreux facteurs externes qu'il est difficile de maîtriser, la coopération au développement et l'action humanitaire ont un impact positif sur le contexte local et international, si elles sont employées à bon escient. Ce n'est pas la coopération au développement qu'il faut mettre en question, c'est la faiblesse de l'engagement de la plupart des pays industrialisés.

Aussi la coopération au développement s'avère-t-elle de plus en plus comme un moyen indispensable pour contribuer à prévenir les conflits. Cette prévention ne peut réussir que dans la mesure où nos partenaires sont écoutés et entendus. Il s'agit en l'occurrence de tendre la main à nos partenaires du Sud et de préparer un avenir meilleur soucieux en premier lieu de respecter la dignité de tout un chacun.

Je vous remercie de votre attention.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Minister Charles Goerens. D'Diskussioun iwwer seng Ausféierunge geschitt an der Sitzung vu mar de Mueren.

Mir fueren elo weider mat der Diskussioun vum Projet de loi 4885 iwwert d'Wahlgesetz. D'Wuert huet den Här Innenminister Michel Wolter.

## 2. 4885 - Projet de loi électorale et portant modification

- de la loi du 31 octobre 1977 portant fusion des communes de Asselborn, Boevange/Clervaux, Hachiville et Oberwampach

- de la loi du 27 juillet 1978 portant fusion des communes de Arsdorf, Bigonville, Folschette et Perlé

- de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Harlange et Mecher

- de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Junglinster et de Rodenbourg (suite)

***Discussion générale (suite)***

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Remarken, déi ech maache wëll, wollt ech ufänke mat engem grousse Merci un eng Rei vu Leit, déi gehollef hunn an de leschten dräi Joer dëse Projet de loi zu deem ze maache wat en ass. Do ass zum engen de Rapporteur, dee sech ganz vill Méi gemaach huet an deene leschten zwielef Méint fir dee voluminöse Projet, dee mer op den Instanzewee ginn hunn, à bon port ze féieren. Och wann de Moien déi eng oder aner Kritik ubruecht ginn ass, esou enlevéiert dat näischt um Mérite vun deenen Aarbechten, déi de Rapporteur am Speziellen a seng Memberen an der Kommissioun am Allgemenge gemaach hunn. Ech géif an dee Merci awer och gäre meng Servicer am Intérieur abannen, déi am Virfeld vum Dépôt sech de Projet de loi an allen Detailer ugekuckt hunn an, wéi ech mengen, eng ganz modern Versioun vun engem Wahlgesetz erausgeschielt hunn.

Eng vun den Aufgaben, déi mer eis nämlech gesat haten, wéi mer d'Reform gemaach hunn, war notamment déi - et ass bal net dorop agaange ginn - fir den Text frësch ze agencéieren, fir e méi däitlech ze maachen, e méi kloer ze maachen, fir Expériencen, déi sech am Laf vun de Joren ugesammelt hunn zu Punkten, déi vläicht net méi esou kohärent ware par rapport zu der Praxis, no ze kucken, an - an dat kann een hei emol eng Kéier soen - och mat enger ganzer Rei vu Gemengen duerch ze diskutéieren, déi jo an deem ganze Processus impliquéiert sinn, fir ze kucke wou d'Schwieregkeete sinn, respektiv wou ee Verbesserunge kënnt maachen.

Wann een dee voluminösen Text hei hëlt vun iwwer 300 Artikelen, an deem eng ganz Rei vu politeschen Akzenter frësch gesat ginn, nei gesat ginn, zukunftsorientéiert gesat ginn, dann däerf dat net cachéieren, dass do derniewent eng ganz Hellewull vu méi technesche Modifikatiounen, Ännerungen, Adaptatioune virgeholl si ginn, fir aus deem Projet a senger Endversioun e Projet ze maachen, dee wesentlech méi lisibel, verständlech an och besser applicabel ass, wéi dat forcément en Text ass, deen iwwer 80 Joer permanent complétéiert an adaptéiert ginn ass.

Et ass e ganzt wichtegt Gesetz, wat de Mëtten hei gestëmmt gëtt. Et ass d'ailleurs och ee weidere Punkt vum Koalitiounsaccord vun 1999 fir d'Wahlgesetz en profondeur ze reformëieren. Et ass e wichtegt Gesetz, awer net nëmme well et eng Ëmsetzung vun der Regierungserklärung ass, mä et ass e wichtegt Gesetz virun allem well d'Wahlgesetz par essence e ganz wesentlechen Afloss op dat politescht Liewen huet an och a ganz wäiten Deeler déterminéiert no wat fir engem System an no wat fir enge Konditioune sech d'Wahlen ofwéckelen, net nëmmen ofwéckelen mä och d'Auszielunge gemaach ginn, wéi de Fonctionnement vun eise politeschen Institutiounen ass, ob dat d'Chamber ass, ob dat d'Gemenge sinn.

An haaptsächlech dofir ware mer och der Meenung, dass dat e Gesetz ass, wat een net liichtschatz soll änneren, een net au gré vun de Majoritéiten, eemol déi eng, eemol déi aner, en Text zesumme bastelt, dee mat fliegenden Iwwergäng dann herno kee kohärent Ganzt ergëtt, mä vun Ufank un hu mer eng Prozedur gewielt fir ze probéieren, dans la mesure du possible, wat selbstverständlech par la nature des choses net méiglech ass, well an enger Diskussioun wéi déi hei selbstverständlech et verschidde Meenungen, verschidden Usätz och gëtt, mä ze probéieren e méiglechst breede Konsens ze fannen.

Dofir hu mer, an dat ass onüblech, mä dat hu mer an dësem Fall awer gemaach, eng Konsultatiounsprozedur bei allen an der Chamber vertruedene Richtungen duerchgefouert, déi zum Deel verdéift gi sinn duerno duerch Gespréicher, fir ze kucken a wat fir engem Mooss een Ännerunge kënnt proposéieren, déi gedroe wäre vun enger méiglechst breeder Majoritéit.

Wann ech gekuckt hu wéi sech déi eenzel Parteien dann och de Moie positionéiert hunn, mengen ech, hätte mer et fäerdeg bruecht fir dat ze maachen. Ech hu ganz vill Kriticken héieren, awer dat schéngt jo Usus ze sinn an normal, Kriticken, déi méi vehement vun deem enge wéi vun dem anere virbruecht gi sinn. Wann ech awer richteg verstanen hu wat d'Intention de vote ubelaangt, wäerte mer den Owend 54 Stëmme fir dee Projet hei kréien. Dat ass wäit méi wéi mer eis dat virgeholl an och virgestallt haten.

***(Interruption)***

60 Stëmmen, neen! Dat ass eng Illusioun.

D'Zil, an dat wëll ech lech ganz kloer soen, Här Bodry, war dat, dass mer der Meenung waren, dass ee misst, esou wäit wéi et geet a bei deene wesentleche Punkten am Kader vun de Konditioune vun enger Verfassungsreform sinn. Ech sinn net Partisan dovunner, dass een d'Wahlgesetz au gré des majorités ännert. Et gëtt eng Rei Länner, Frankräich kann een do nennen, Malta ass ee Beispill, wat mer ganz staark um Häerz läit an am Hals hänkt, wou au gré vun de Majoritéite praktesch d'Wahlgesetz all Kéiers geännert gëtt.

Ech fannen dass dat net ganz gutt ass fir d'Stabilitéit vun engem politeschen Zesummeliewen. Dofir hu mer déi Consultation préalable gemaach. Mir hu probéiert eraus ze fannen a ganz ville Réuniounen a Gespréicher wat konsensbindend wier. Mir hunn natierlech och op deem engen oder anere Punkt e bëssche gedréckt fir de Konsens

ze kréien. D'autant méi iwwerrascht sinn ech dann, wann ee grad just déi Précautioun, déi een do hëlt, awer och dee Souci, deen een huet, fir eben net au gré de la majorité e wesentlecht Gesetz ze änneren, wann engem dat herno en fin de compte als Virworf gemaach gëtt. Et kann een net alles hunn. Et kann een net am Virfeld soen, mir hätte gär dee breetméiglechste Konsens, fir dann herno et mat enger einfacher Majoritéit ze maachen.

Dofir hunn ech och ëmmer gesot, dass mer nëmmen Ännerungen an deem Projet hei wéilte virhuelen, déi d'Konditioune vun der Verfassungsreform géifen erfëllen. Dat heescht net, contrairement zu deem wat den Här Gira gemengt huet ze héieren, dass ech gesot hätt, mir hätten een Accord am Virfeld tëschent deenen dräi grousse Parteien, mä et bedingt awer, wéi d'Sëtzverdeelung an der Chamber ass, dass een déi dräi grouss Parteien nécessairement muss am Boot hunn, wann ee gären déi verfassungsméisseg Majoritéit hätt. Dofir ass et och selbstverständlech, dass mer eis an enger éischter Instanz haaptsächlech dorëms bekëmmert hunn. Dozou gehéiert awer och, wann ee Propositioune gemaach kritt déi net majoritéitsfäeg sinn, respektiv déi eng Majoritéit zwar vläicht am Parlament hätte vun 31 oder 32 Stëmmen, dass mer déi net zum Vote an zur Ofstëmmung bruecht hätten, well dat net deem Esprit entsprach hätt, dee mer eis virgestallt hunn.

An dem Sënn ass och déi Interventioun déi mer an der leschter Woch an der Intérieurskommissioun gemaach hunn ze verstoen, well leider, muss ech soen, am Kader vun der Diskussioun op eemol vun dem Wee vum Konsens ofgewach ginn ass. Den Här Gira huet de Mueren a senger Ausféierung ganz däitlech gewisen, dass am leschte Moment am Kader vun enger Rei Amendementer mat wiesselnde Majoritéiten op eemol operéiert ginn ass, wou ech awer fonnt hunn dass dat net deem Esprit géif entspriechen, an deem mir dee Projet de loi hei géife maachen. Ech hu meng Kolleegen an der Kommissioun dorobber higewisen an ech hu se gebieden dat och ze respektéieren, dass et net ka sinn dass an enger Kommissioun op eemol mat engem Vote vun der CSV mat deene Grénge géint d'DP an d'LSAP, oder vun der DP mat der LSAP géint d'CSV an déi Gréng, jee nodeem wéi vill Leit dann dobanne sinn a wie grad just do sëtzt, Amendementer géife virgeholl ginn, déi net deem Esprit entspriechen no deem mer de Projet probéiert hunn hei ze maachen.

M. le Président.- Här Minister, den Här Gira huet eng Fro un lech.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, ech hale gär meng Ried hei. Den Här Gira huet esou vill de Moie geschwat, dass Der wäert verstoen, dass ech meng Ried och gären hei géif halen.

Ech kommen op de Punkt vun den Incompatibilitéiten, fir précisément ze illustréieren, dass mer an der Fro vun den Incompatibilitéite kee Konsensus an der Kommissioun haten. Et ass wuel à un certain moment eng Majoritéit ginn. Déi Majoritéit huet sech awer au détriment vun enger vun de Koalitiounsparteie gemaach, well d'DP, fir se mam Numm ze nennen, mat zwou Modifikatiounen net d'accord war an et zum elementare Rappel…

***(Interruption)***

Jo, woubäi déi Enthalung sech ausgedréckt huet als en Net-Averständnis mat de Propositioune wéi se gemaach gi sinn.

***(Brouhaha général)***

D'ailleurs hu mer de Moie jo an den Ausféierunge vun deenen eenzelne Parteie ganz kloer gemierkt, dass et op deem Punkt do tëschent alle Fraktioune wesentlech Divergenze ginn.

Et gëtt eng Positioun vun der CSV, déi der Meenung ass, dass beim gläichzäitegen Ofhalen un engem Dag vu Landeswahlen a vun Europawahlen een am Kader vun der Incompatibilitéit net nëmme soll soen: Du däerfs net déi zwee Mandater mateneen unhuelen, mä dass den elementare Respekt virum Wieler dee Moment et och géing verlaangen, dass een net higeet an ënner zwou verschiddene Lëschte kandidéiert. Dat ass eng Positioun, déi d'ailleurs vun der grénger Fraktioun gedeelt gëtt. Ech weess net wéi den ADR dozou steet. Ech weess awer, dass d'Kolleege vun der DP eng aner Positioun à ce stade, haut op jidde Fall, nach dozou hunn, well si plädéiert hu fir eng zäitlech Trennung vun deenen zwou Wahlen, mat engem Délai vun dräi Méint tëschtent deenen zwou Wahlen a mat enger zweeter Positioun, wou se gesot hunn: Jo, wann dat dann deeselwechten Dag stattfënnt, dann hätte mer gären en Délai de réflexion vun dräi Méint fir déi eenzel Leit, fir sech ze décidéieren.

Wat en fin de compte d'Meenung vun der LSAP ass, hunn ech och no Insistenz vum Här Weiler de Moien hei an der Chamber nach net richteg erausfonnt. Den Här Klein, deem ech nogelauschtert hunn, huet plädéiert fir eng Incompatibilitéit. En huet allerdéngs a kengem Moment a senger Ried gesot, ob e mat där Propositioun, fir dann a separate Lëschten unzetrieden, d'accord ass oder net. Ech hunn allerdéngs aus engem Zwëscheruff vum Här Fayot gemengt erauszespieren, dass den Här Fayot a senger Partei ee vun deene Leit wier, déi éischter och op dee Wee géife goe fir, wann een am selwechten Dag géif wielen, op zwou separate Lëschten ze tendéieren,…

***(Interruptions diverses)***

…wa mer de Wahlsystem änneren.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Dat war ni an der Kommissioun gesot ginn. Dat do war eng Ausleeung vum Här Weiler de Moien hei. An der Kommissioun ass dat do ni vun der CSV virbruecht ginn. Et deet mer awer Leed.

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Loosst den Här Minister schwätzen. Hien huet d'Wuert verlaangt.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Et ass eng Konstant, déi scho virun de leschte Wahle vun där Partei, ech schwätze jo net am Numm vun där Partei hei, mä déi Partei, déi ech hei representéieren an der Chamber, gesot huet: „Wann déi Wahlen am selwechte Moment sinn", wat d'ailleurs eng Initiativ virun de Wahle vun '99 vun där Partei war fir mat getrennte Wahllëschten ze fueren, an déi Propositioun ass virun de Wahle vun 1999 net akzeptéiert ginn. Mä et ass awer kloer, dass déi Positioun besteet. Déi huet à ce stade, mengen ech, opgrond vun där Aart a Weis wéi mer de Projet de loi hei wollten ugoen, net déi Majoritéit, déi mer gären hätten. Ech ginn awer d'Hoffnung net op, dass mer am Laf vun deenen nächste Méint a Joren an den Diskussiounen, an nodeem och d'LSAP sech da festgeluecht huet op eng Positioun, awer vläicht op esou e System géife kommen. A wa mer dann esou wäit sinn dass mer en Accord op deem Punkt hunn, verhënnert näischt eis fir dat dann och an eng Gesetzgebung anzefëieren.

Ech wëll derbäi soen, wann een an den eenzelne Parteien - dat hunn ech jo och kloer gemierkt am Kader vun deene Gespréicher, déi ech an all deene Méint mat de Leit hat, jee nodeem mat wiem ee geschwat huet, an ech klamere keng Partei do aus -, innerhalb vun de Parteien och verschidde Meenungen iwwert déi heite Fro wéi och iwwer vill aner Froen huet, wann et ëm d'Fro geet vun der Ofschafung vun de Sektiounen, d'Ofschafung vum zweete Wahlsonndeg, d'Aart a Weis wéi een de Conseil communal nees opfëllt, muss ech Iech soen, dass ech am Laf vun der Zäit ganz vill Meenunge kritt hunn, wou sech no an no am Laf vun der Diskussioun eng Gesamtmeenung erausgebilt huet, ouni dass awer eng vun de Parteien heibanne ka vu sech behaapten - vläicht mat Ausnahm vum Här Urbany, well hien eleng hei ass an nëmmen eng Meenung huet - wéi wann et op all deene Punkten, déi mer hei diskutéieren an déi mer hei wëllen änneren, et an all Partei nëmmen eng eenzeg Meenung géif ginn.

D'Konscht oder d'Netkonscht - verschiddene Kolleege geet dat jo net wäit genuch, dee Moment ass dat hire Problem - war et ze probéieren e Projet de loi op den Instanzewee ze ginn, deen eng modern Ausriichtung huet an deen alleguer déi Saachen, déi machbar waren à ce stade, ze maachen.

Dofir verstinn ech net a sinn och net d'accord mat deene Meenungen, déi hei soen, et hätt ee kënne méi wäit goen. Selbstverständlech hätt ech kënne méi wäit goen. Ech hätt zum Beispill kënnen e Projet de loi op den Instanzewee ginn, wou ech eng Circonscription électorale fir d'ganzt Land proposéiert hätt. Dat wär dann an den Ae vun deene Grénge e modernt Wahlgesetz.

Ech stellen awer just fest, no Diskussiounen déi mer heibannen haten: Déi Propositioun hätt exakt fënnef Stëmmen hei an der Chamber kritt.

***(Interruptions)***

Här Gira, ech hunn einfach de Moien nogelauschtert wat déi eenzel Fraktiounen dozou gesot hunn, inklusiv den Här Urbany, well ech wosst ee Moment net ob et der fënnef oder sechs wären, dofir hunn ech intensiv nogelauschtert wat den Här Urbany gesot huet, dee gesot huet, hie wier à ce stade…

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Wiem seng Iddi war et dann d'Wahlflicht op 75 Joer eropzesetzen? Hat Der do och de Konsens vun deenen dräi grousse Parteien am Ufank, oder hutt Der dat vun lech aus eleng dra gesat?

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Jo, mä et sinn déi Punkten, op déi ee sech kann unhänke fir seng eegen Inkoherenze probéieren ze verstoppen.

Mir hätten eng ganz Rei vun anere Punkte kënnen erabréngen. Et sinn eng ganz Rei vu Kolleegen heibannen der Meenung, datt een d'Durée vum Mandat bei de Gemengewahle vu sechs op fënnef Joer soll erofsetzen. Et sinn och eng ganz Rei Leit déi dat de Moien hei gesot hunn. Wann ech awer den Tour maache vun deenen eenzelne Fraktiounen déi hei sëtzen, stellen ech fest dass déi Propositioun keng Majoritéit fonnt huet no deene Kritären, déi mer eis gesat hunn.

Ech si ganz iwwerrascht driwwer, et huet net eng eenzeg Fraktioun iwwert de Splitting geschwat. Dat war eng grouss Diskussioun. Wann een, wéi den Här Klein seet, e modernt Wahlgesetz wëllt maachen, e Gesetz dat méi wäit geet, dann hätt ee jo emol kënnen op de Gedanke kommen, well d'Majoritéit vun de Leit hei am Land si géint de Splitting. Ech maache muer eng ILReS-Ëmfro, wou mer feststellen dass d'Majoritéit vun de Leit géint de Splitting ass.

***(Interruptions)***

Ech fannen awer keng Majoritéit an dofir hu mer et och net an de Projet integréiert.

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Jo, et stong um Ordre du jour.

Ech schwätzen iwwer e modernt Gesetz. An engem moderne Gesetz, et ass jo deemno wéi der d'Lecture vun engem Gesetz maacht, hätt een och kënnen d'Incompatibilitéit député-maire aféieren. Ech hunn eng ganz Rei Kolleegen de Moien héieren, net nëmmen de Moien, mä och a Gespréicher déi een da féiert, an ech soen an alle Fraktiounen heibannen, déi der Meenung sinn dass een eng Incompatibilitéit tëscht dem Mandat vum Deputéierten a Buergermeeschter soll aféieren. Ech begéinen der awer och eng ganz Rei déi net där Meenung sinn. Wann ech also e sougenannt fir déi Gréng akzeptabelt fortschrëttlecht Gesetz gemaach hätt, dann hätt ech eng Propositioun erabruecht fir d'Incompatibilitéit tëschent deenen zwee Mandater anzefëieren. Da wär et hei zum Vote komm an dann hätte mer keng Majoritéit fonnt. Wat hätte mer dann dee Moment geschafft gehat, wa mer dat gemaach hätten?

Mir hätte kënnen, esou wéi dat dann och vun deene Grénge gefrot ginn ass, iwwer eng aner Andeelung vun de Wahlbezierker diskutéieren. Mir hunn doriwwer diskutéiert a mir sinn zur Konklusioun komm, nodeem mer mat deenen eenzelne Parteie geschwat haten, dass et net ganz vill Zweck hätt fir op där Schinn weider ze fueren, well mer keng Majoritéit géife fanne fir eng aner Andeelung vun de Wahlbezierker ze maache wéi déi, déi mer haut hunn.

Elo kann ech, well ech ee vun deene sinn déi der Meenung sinn dass een dat wierklech eng Kéier misst aneschters gesinn, do dräi Pirouetten danzen a véiermol de Salto schloen, mä wann ech awer gesinn dass déi Propositioun hei keng Majoritéit huet, wat bréngt et da wann ech dat an e Gesetz erabréngen.

D'Erweiderung vun der Bréifwahl. Mir hunn d'Erweiderung vun der Bréifwahl mateneen diskutéiert an déi Propositiounen déi mer gemaach hu fir vun 51 Deeg op 30 Deeg erofzegoen, fir eng wesentlech Vereinfachung vun der Bréifwahl ze maachen, waren akzeptabel. Eng weidergehend Erliichterung am Sënn wéi den Här Klein se proposéiert huet, praktesch alles bis zum leschten Dag oder bal bis zum leschten Dag opzemaachen, huet net d'Majoritéit fonnt. Wat huet et dann e Sënn eng Propositioun eranzebréngen, vun där ech vun Ufank u weess datt se déi Majoritéit am Parlament net kritt, déi mer gären hätten.

Un deene Beispiller wollt ech weisen, dass et net esou war dass mer net diskutéiert hätten. Mir hu gekuckt mat alle Fraktiounen heibannen e Gespréich ze féieren, an all Fraktioun hat jo och d'Méiglechkeet an de leschten dräi Joer, well et ass säit dräi Joer dass mer dee Processus hei hunn, fir ze kucken hir Stëmm an hir Meenung eranzebréngen. Dat hunn déi eenzel Fraktiounen d'ailleurs och gemaach a schrëftlecher Form, a verbaler Form, a Form vun enger Diskussioun an der Kommissioun, mä fortschrëttlech oder net fortschrëttlech, ech mengen, dat ass jee nodeem wéi een et gesäit, méi wäitgehend oder net méi wäitgehend. Mir hunn eis hei bornéiert vun Ufank un, wëssentlech, wëllentlech, fir e Projet ze maachen dee konsensfäeg ass an deen, dat muss ech soen, a ganz ville Gespréicher an a ganz villen Diskussiounen dach awer eng ganz Rei vu wesentlechen Ëmännerunge par rapport zum jetzege System matbréngt.

Ech ka mech erënneren, wéi mer viru fënnef Joer ugefangen hu mat enger ganzer Rei vu Gemengen ze diskutéieren, an haaptsächlech mat deene ländleche Gemengen, wat d'Ofschafe vum zweete Wahlsonndeg ubelaangt, wat d'Ofschafe vun de Sektiounen ubelaangt, wat d'Fro ubelaangt vun den Élections complémentaires, wann e Mandat fräi gëtt.

Et ass am Ufank gesot ginn, dat do, dat kritt Dir ni duerch. Dir kritt dach ni duerch, dass mir d'Sektiounen hei am Land ofschafen. Dir kritt ni duerch - dat war zwar e bësse manner komplizéiert -, dass mer den zweete Wahlsonndeg géifen ofschafen. Dunn hu mer mat de Leit diskutéiert op der Basis an de Parteien, mat de Buergermeeschteren, an et huet een awer op eemol festgestallt, dass am Gemengesecteur selwer, a besonnesch bei deene Buergermeeschteren, Schäffen, Conseilleren, Politiker aus deene klenge Gemengen, déi bis zu deem Zäitpunkt ganz oft un der Diskussioun net genuch bedeelegt waren an deenen hir Stëmm net genuch gehéiert ginn ass, well se an enger Rei vu Gremien ënnerrepresentéiert si par rapport zu anere Leit, wuel eng Bereetschaft bestanen huet fir dat ze änneren.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Majoritär.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Selbstverständlech. Och bei eis an der Partei ware Leit, déi net der Meenung waren…

***(Interruption)***

Wann ech haut de Moien d'Diskussiounen, Här Scheuer, nogelauschtert hunn, a wann hei esou gemaach gëtt vun alle Säite wéi wann dat iwwerhaapt keng Diskussioun gewiescht wär, wann dat dat Normaalst vun der Welt gewiescht wär fir dat doten ze maachen, e Klinkerlitzchen, e Blinddaarm praktesch, deen elo hei géif ewech geholl ginn, dann ass et och mäi Rôle fir drun ze erënneren, dass viru véier, fënnef Joer, wéi mer d'Diskussioun ugefaangen hunn, et eng ganz aner Diskussioun war.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Déi Déck konnte sech duerchsetzen.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Déi Déck hu sech net duerchgesat. Hei hunn déi Kleng sech duerchgesat. Hei hunn déi verstänneg Buergermeeschtere sech duerchgesat, an dat ass dat wat mer gefall huet, à un certain moment hu si selwer d'Stëmm erhuewen. Ech hunn op eemol aus dem Gemengesecteur eng ganz Rei vu Wuertmeldunge vu Buergermeeschteren héieren, déi gesot hunn, ma kommt mir halen domat op, well et bréngt eis näischt. Dat Ganzt ass kontraproduktiv. A wéi mer mat Zuelen dohinner komm sinn, fir emol ze beweisen dass den zweete Sonndeg manner wéi 5% vun de Sëtz aneschters machbar mécht, an dat iwwer dräi Wahlen novollzéibar, dass also 95% vun de Sëtz souwisou am éischte Wahlgang am Fong schonn definéiert sinn, an dass mer op dräi Wahlen eng eenzeg Majorzgemeng fonnt hu wou sech eng Majoritéit no engem zweete Sonndeg aneschters gemaach huet wéi se nom éischten Sonndeg festgestallt gi war, do huet ee lues a lues awer een Ëmdenke gemierkt.

De Moien ass iwwert d'Fusioune vun deem enge mat deem aneren hei geschwat ginn, an iwwert d'Reorganisatioun vun de Gemengen, sou dass ech wëll deene Leit soen, dass ech der Meenung sinn dass mer bei der Fro vun der Reorganisatioun vun de Gemengen deeselwechte Wee wäerte goen. Eng Diskussioun muss entaméiert ginn, an da muss gekuckt ginn ob vun ënnen erop Bereetschaft besteet bei de Leit, ëm déi et geet, fir de Projet unzehuelen.

Ech stellen effektiv fest, dass mer an enger Phas sinn, wou ëmmer méi Leit aus de Gemenge selwer zur Konklusioun kommen, dass een eng aner Organisatioun muss maachen. Ähnlech wéi bei dëser

Diskussioun sinn ech perséinlech fest dovun iwwerzeegt, dass mer am Débat Etat-communes an duerno wäerten zu Modeller kommen, och mat Transitiounen an anere Geschichten, déi et erlabe fir eis Gemengen op een anere Stellewäert an op een anere Punkt ze setzen.

Ech si perséinlech frou dass sech eng ganz grouss Majoritéit vun der Chamber, alt nees mat Ausnahm vun deene Gréngen, fir d'Bäibehale vum Vote obligatoire ausgeschwat huet, well ech ähnlech, wéi am Rapport vun der Kommissioun zréckbehalen, der Meenung sinn, dass dat eng Bürgerpflicht vun deem Eenzelnen ass, deen d'ailleurs, wann en näischt mat deem Ganze wëllt ze dinn hunn, jo d'Méiglechkeet huet wäiss ofzestëmmen. Hien huet just net d'Excuse spéider ze soen, ech war jo net derbäi, well ech sinn net wiele gaangen. Hie muss seng Responsabilitéit all fënnef, respektiv all sechs Joer huelen an en huet d'Méiglechkeet, wann en der Meenung ass dass dat en net interesséiert, iwwer e Vote blanc seng Meenung auszedrécken.

***(Interruption)***

Dat ass eng aner Fro.

Jo, mir kënne jo ufänken dat ze maachen.

De Wahlalter setze mer op 18 Joer erof. Ech hunn de Moie ganz vill Leit héieren, déi d'Paternitéit dovu fir sech revendiquéieren. Et ass eng gutt Saach fir dat aktiivt an dat passiivt Wahlrecht op 18 Joer le jour de l'élection festzeleeën. Ech mengen net dass et gutt wier do weider erof ze goen a Systemer anzeféieren déi, aktiv oder passiv, mat manner wéi 18 Joer géife fonctionnéieren. Ech sinn d'ailleurs manner optimistesch wat d'Kenntnisser an de Wëssensstand vun eise Jugendlechen iwwert d'Politik ubelaangt, wéi de Kolleeg Urbany et de Moien hei war.

Mir hunn dann eng wesentlech Vereinfachung vun de Prozeduren duerch dee Projet hei. Mir hunn de Vote par correspondance grondleeënd geännert. Et ass relativ wéineg iwwert de Vote par correspondance de Moie Rieds gaangen an deenen eenzelnen Interventiounen. Mir ginn do, wéi ech scho gesot hunn, vun 51 op 30 Deeg erof. Den Haaptgrond, firwat dass mer Annulatiounen hate bei dem Vote déi leschte Kéier, deen hu mer éliminéiert, nämlech de Fait dass d'Leit vergiess hunn hire Convocatiounsziedel an de Bulletin eranzeleeën. Dat hu mer doduerch geännert, dass mer ähnlech wéi bei de Sozialwahlen an Zukunft beim Vote par correspondance mat Nummere fueren, esou dass eng Identifikatioun fir déi Leit, déi am Büro sinn, méiglech ass, och wann de Convocatiounsziedel net derbäi läit. Dat ware bei de leschte Wahlen net manner wéi 25% vun alle Stëmmen, déi par correspondance ofgi gi sinn. Doduerch sinn déi Bulletinë fir null erkläert ginn.

Wat d'Conditions de résidence an iwwerhaapt d'Participatioun vun den Net-Lëtzebuerger un de Wahlen ubelaangt, hu mer ganz grouss Ännerunge virgeluecht. Do ass och deen een oder deen aneren der Meenung, dass dat net wäit genuch geet. Ech si perséinlech der Meenung, dass dat ganz wäit geet wat mer zu Lëtzebuerg maachen, dass dat wesentlech méi wäit zum Deel geet wéi et an anere Länner hei an Europa de Fall ass.

Ech sinn net mam Här Klein d'accord, wann en der Meenung ass, dass mer fir d'Joer 2011 d'Conditions de résidence gläich sollte stelle mat deem wat fir d'Lëtzebuerger gülteg ass. Dofir wëll ech direkt dat soen, wat ech herno wollt proposéieren, da brauch ech dat dann net méi ze maache bei der Motioun vun der LSAP, an zwar fir déi ofzelehnen.

***(Interruption)***

Mä Dir gitt jo iwwert d'Gesetz eraus. Dir sidd der Meenung, dass et duergeet fir sechs Méint hei zu Lëtzebuerg ze wunne fir kënnen un de Gemengewahlen deel ze huelen. Mir sinn net der Meenung, dass een op dee Wee soll goen, mir sinn au contraire der Meenung dass dat Eroffueren op fënnef Joer ee Punkt ass, deen à ce stade, esou wéi mer haut do stinn, eppes ass wat ganz adequat ass a wesentlech méi kuerz ass wéi dat wat mer virdru kannt hunn, souwuel fir den aktive Vote wéi fir den net aktive Vote.

Mir schafen déi zweet Liste électorale of. Et ass dat vläicht e ganz klenge Punkt, mä et ass awer e ganz intensive Punkt, wann et ëm d'Aarbechte geet déi notamment an den Distriktkommissariater an um Niveau vun de Gemenge musse gemaach ginn. An, wéi ech scho gesot hunn, revolutionéiere mer wesentlech de Vote an de Majorzgemengen duerch d'Ofschafe vun de Sections électorales, duerch d'Ofschafe vum Ballottage, dem zweete Vote, an duerch déi Modifikatiounen, déi mer bei de Komplementarwahlen aféieren, wou mer soe bei dem éischte Vote soll de Gemengerot eis soen, ob hien der Meenung ass dass dee Siège soll nei besat ginn. Spéitstens bei der zweeter Vacance musse Komplementarwahle kommen.

Ee Punkt iwwert dee vill diskutéiert gëtt, wou d'Meenungen och ganz breet gestreet sinn, dat ass dee vu wéini un dass een an de Système proportionnel soll eriwwer goen? Der Deeg hunn ech nach Leit begéint, déi der Meenung sinn dass een dat hätt misse wesentlech an d'Luucht setzen, dass een op 5.000, 6.000 Leit hätt misse goe fir d'Politisatioun an de Gemengen zréck ze drängen. Aner Leit sinn der Meenung, dass een do ganz ënne soll ufänken, dass et eng gutt Saach ass, wann nom Parteiesystem gestëmmt gëtt. Mir hunn eis drop gëeenegt, am Kader vun der Diskussioun, dass mer dat op 3.000 Leit géife maachen. Dat bréngt da mat sech, dass bei den nächste Gemengewahlen d'Gemengen Dippech, Mäertert, Rammerech, Wëntger a Konter - ech wëll dat nach eng Kéier soen, well déi an enger Wochenzeitung vergiess gi waren an déi doduerch ganz opgereegt sinn, well si hu gemengt si wieren op eemol awer net méi dobäi - opgrond vun der Volkszählung vun 2001 an de Proporzsystem iwwerginn.

Eng Dispositioun déi mer agefouert hunn, déi fir mech ganz vill Sënn mécht, déi awer och net vun Ufank un d'Unanimitéit hat, dat war déi fir ze soen, esou bal gewielt ass an de Schäfferot ass en place a se wëssen dass se eng Majoritéit hunn, da maache mer d'Vereedegung vun de Leit a si kënnen ufänke mat schaffen. Mir waren dovun iwwerzeegt, dass et eng gutt Saach wär an all deene Gemengen, wou et machbar wär, dass déi nei Majoritéit dans la mesure du possible de Budget scho selwer soll maachen a kënnen ofstëmmen. Och do gëtt et, wéi gesot, net nëmmen eng Meenung doriwwer. Et gëtt och Leit déi do enger anerer Meenung sinn. Mir wäerte gesinn, dass bei de Wahlen ëmmer nach déi eng oder déi aner Gemeng laang Zäit wäert brauchen, dass et souguer den 1. Januar, lescht Limite, wäert gi fir eng Majoritéit ze kréien.

An dann déi Régimes spéciaux, déi d'Fusiounsgemengen an de 70er Joren haten, déi schafe mer och of. Dat ass eis an deem Sënn méi einfach gefall, dass vun deene meeschte Gemenge Jonglënster schonn am Proporzsystem war. Wëntger a Rammerech, déi kommen elo an de Proporzsystem eran, sou dass mer just eng Diskussioun mat der Stauseegemeng haten. Déi Diskussioun hu mer awer konnte positiv zu Enn féieren.

Da wollt ech e puer Saachen nach soen iwwert dat wat elo geschitt, well jo notamment a puncto Auslännerwahlrecht e gewëssene Flou do war, an dass mer och dee Projet brauche virum Enn vum Februar, fir juristesch gesinn all Sécherheeten ze hunn, déi mer brauchen, fir dass dat mat der Inscriptioun vun den Auslänner, déi dann nach wëlle sech mat deenen neie Konditiounen op d'Wahllëschte setzen, fonctionnéiert.

Mir wäerten, esou bal dee Projet hei d'Dispens vum zweete Vote kritt huet an d'Ënnerschëft vum Grand-Duc, eng Circulaire un d'Gemenge maachen, wou mer hinnen déi wichtegst Dispositiounen, déi an deem nächste Mount ze beuechte sinn, matdeelen. Mir wäerten de Gemengen och duerno au fur et à mesure duerch aner Circulairen déi aner Adaptatioune matdeelen. Mir hunn och wëlles, ech hunn doriwwer mat menge Leit geschwat, besonnesch fir d'Gemengesekretären - déi ganz Fro vun de Wahllëschten, déi ass jo net méi einfach ginn, muss ee soen, duerch déi Reform hei - Formatiounscoursen driwwer ubidden, wéi dann an Zukunft d'Wielerlëschten opzestelle sinn, notamment och iwwert déi Fro vun deene Jonke vun 18 Joer, déi jo le jour de l'élection solle kënne wielen, wéi een dat praktesch handhaabt, fir sécher ze stellen dass dat och dee Moment fonctionnéiert. Dat bedingt eng Ëmstellung par rapport zum System wéi en haut besteet.

Zréckkommend op eng Fro, déi d'Madame Wagener an enger Question parlementaire gestallt hat, kann ech soen, dass mer amgaang sinn eng Campagne d'information anzeleeden, woubäi ech nach eng Kéier wëll rappeléieren, dass d'Inscriptioun vun den Auslänner op d'Wielerlëschten e kontinuéierleche Processus ass, dass dat näischt ass wat all fënnef Joer nëmme während engem Mount op ass. Mir wëllen trotzdeem eng Sensibiliséierungscampagne nach eng Kéier maachen, woubäi mer se elo wëllen ulafe loosse fir d'Europawahlen, awer iwwert d'Joer duerchzéie fir d'Gemengewahlen, well et ass haaptsächlech bei de Gemengewahle wou jo den Intérêt suscitéiert soll ginn.

Mir hunn an deem Sënn déi Propos zréckgehalen, déi d'Mme Wagener gemaach huet, fir eng Journée de l'inscription ze maachen. Mir hu mam SYVICOL doriwwer diskutéiert a mir sinn eis eens ginn, dass - mir kënne se net forcéieren, mä ech hoffen awer - déi 118 Gemenge matmaachen. Mer wäerten déi 118 Gemenge froe fir den 22 Mäerz, Samschdes moies vun 9 bis 12 Auer, hir Büroen opzemaache fir deene Leit, déi während der Woch schaffen an nëmme Samschdes Zäit hunn, d'Méiglechkeet ze ginn iwwer eng Journée de l'inscription sech dann op d'Wielerlëschten anzeschreiwen, woubäi ech allerdéngs weess, dass aner Gemengen, notamment d'Stad Lëtzebuerg, nach méi weidergehend Solutiounen amgaang sinn ze analyséieren an och wëllen duerchféieren. Déi wëllen d'Büroe méi oft opmaachen. Dat hei ass eng Propositioun, déi mer deenen 118 Gemengen mam Accord vum SYVICOL wëlle maachen, fir einfach nach eng Kéier ze dokumentéieren, dass d'Gemengen niewent deenen normale Büroszäiten, wou se souwisou op sinn, nach e speziellen Effort maachen. Näischt hënnert eenzel Gemengen drun, wa se der Meenung sinn dass se hiren auslännesche Matbierger eng zousätzlech Informatioun wëlle ginn, dat elo respektiv d'nächst Joer ze maachen.

Mir wëllen eng Campagne d'information lancéieren. Mir waarden och do op d'Publicatioun am Mémorial, fir am nächste Mount dann iwwert déi normal Informatiounskanäl dat ze maachen.



Mir sinn dann, Dir Dammen an Dir Hären, och nach mat 47 Amendementer konfrontéiert. Ech hunn déi Amendementer selbstverständlech gekuckt. Do ass deen een oder aneren derbäi, dee mir perséinlech net ganz onsympathesch ass, de Gros ass mer éischter net sympathesch, mä et sinn der derbäi déi mer sympathesch wären, mä et ass no Analys vun deenen Amendementer, déi alleguer en long et en large diskutéiert gi sinn, menger Meenung no keen derbäi deen eng Majoritéit ka fannen, déi esou wär wéi mir eis dat an deem Projet de loi hei virgestallt hunn, esou dass mer och do géifen der Chamber recommandéiere fir déi Amendementer vun der grénger Fraktioun net unzehuelen.

Op d'Motioun vun der LSAP sinn ech schonn agaangen. Ech mengen, dass Der do an Ärem zweeten „invite" ze wäit gitt, an dofir géif ech d'Chamber bieden déi Motioun net unzehuelen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, mir hunn éischtens nach siwe Minutte vun der Diskussioun iwwreg an et si Motiounen do, wou mer och nach Zäit zegutt hunn. Zweetens hunn ech Parole après ministre. Drëttens fannen ech et lamentabel, an do kann ech nëmmen dat widderhuele wat ech de Muere schonn hei gesot hunn, dass d'Reglement anscheinend nëmmen applizéiert gëtt, wann ee vun der Oppositioun hei um Pult steet.

Mir hate gëschter eng Sitzung déi absolut net conforme zum Reglement war, an do huet absolut kee Mënsch eppes derbäi fonnt. Dofir fannen ech et einfach elo lächerlech...

M. le Président.- Här Gira, ech wollt Iech awer soen, dass Dir Iech jiddefalls a puncto Uwendung vum Reglement net kënnt beschwéieren. Ech muss dat zréckweisen, wann elo hei gesot gëtt dass géifen zweeërlee Mooss a Gewiicht applizéiert ginn. Hei gëtt genau ee behandelt wéi deen aneren.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech hunn net vun Iech geschwat, ech hu vu Kolleege geschwat déi all Kéiers, wann ee vun der Oppositioun eng hallef Minutt méi laang brauch, op d'Reglement verweisen. Här President, ech hunn net fir eng hallef Stonn, ech wollt just e puer Remarke maachen.

Ech hunn de Muere mat Erstaune misse feststellen, dass déi Leit, déi net an där berühmter Sitzung vum 5. Februar waren, anscheinend besser wësse wat do ofgelaf ass wéi déi, déi present waren, virun allem déi zwee Fraktiounschefen.

Weider wollt ech zu deene berühmten Amendementer nach e puer Saache kloer stellen, well hei esou dacks driwwer diskutéiert ginn ass an ëmmer erëm nei Versiounen duergestallt gi sinn. Dofir wollt ech nach eng Kéier soen, dass, wa mir dat esou skandaléis duergestallt hunn, dann huet dat näischt mam Fong vun der Saach ze dinn. Mir wiere frou gewiescht wann déi Amendementer bestoe bliwwe wieren, mä mir wëssen och dass dat d'Wahlgesetz net fundamental revolutionéiert hätt. Ech wëll awer nach eng Kéier widderhuele wéi déi ganz Saach vir sech gaangen ass.

Mir hunn an zéng Sitzungen intensiv iwwert dat komplizéiert Gesetz diskutéiert, iwwer 40 Amemdementer vun deene Gréngen, iwwer nei Momenter, déi och deelweis vun der Regierung abruecht gi sinn, well d'Regierung eng Rei Paragraphen nodréiglech wollt ëmgeännert hunn. Déi grouss Choixë ware getraff. Déi Gréng hu sech keng Illusioune méi gemaach, dass nach Chancen do wiere fir een eenzege Wahlbezierk anzeféieren, oder, wat weess ech, iwwert de Panachage ze diskutéieren.

Ech wëll awer drun erënneren, Här President, dass Dir selwer zu engem gewësse Moment e Bréif un déi fënnef Fraktioune geschéckt hutt, wou Dir fënnef Froe gestallt hutt a wou déi fënnef Fraktiounen héich offiziell vun Iech, Här President, opgefuerdert si ginn eng Äntwert ze maachen. Dat waren also net Froen déi tëschent Tür an Angel an iergendenger Kommissioun opgeworf goufen, neen, d'Kommissioun hat décidéiert iwwert de President d'Fraktiounen nach eng Kéier frësch ze froen. Also war dat een neie Moment an där ganzer Diskussioun. Doropshi sinn och Äntwerte vun deene fënnef Fraktiounen op déi fënnef Punkten erakomm. Zu engem gewësse Moment ass nieft aneren Amendementer och iwwert déi fënnef Punkten do ofgestëmmt ginn. Do sinn déi Resultater derbäi erauskomm, déi eraus komm sinn.

Ech ka just feststellen, dass bei dräi Voten dat erauskomm ass wat der Regierung an de Krom gepasst huet, an dofir huet och kee Mënsch méi iwwert déi Amendementer geschwat. Bei zwee Voten ass net dat erauskomm wat zumindest deenen zwee Fraktiounschefen net an de Krom gepasst huet. Ech muss Iech soen, dat ass awer net eise Problem, dat ass de Problem vun deenen zwou Majoritéitsparteien, déi net amstand waren, ier jiddferee vun hinnen hire Bréif zréck un de President vun der Chamber geschéckt huet, sech ofzeschwätzen an eng unanime Positioun auszeschaffen.

Ech ginn awer dovun aus, wann eng Kommissioun higeet, déi fënnef Fraktioune bei fënnef Punkte freet, da seet, elo huele mer e Vote iwwert déi fënnef Punkten, dass dann déi Voten, déi do geholl ginn, awer stinn, zemools wann de President an de Rapporteur vun der Kommissioun den Dag drop se schrëftlech festhalen, se bei de Statsrot schécken an ee vun deene Voten och nach vum Statsrot ugeholl gëtt, dann ass fir mech déi legislativ Prozedur ofgeschloss. Ech fannen et skandaléis, wann dann den Innenminister sech amëscht, an d'Sitzung kënnt an dann awer dat, wat eigentlech d'Majoritéitsdeputéierten, mengen ech, en connaissance de cause votéiert hunn, nach eng Kéier ëmkippt.

Et geet hei net ëm de Fong, mä ech fannen, da war déi ganz Prozedur ëmsoss. Dat ass de Geck gemaach mat deene Leit, déi während zéng Sitzunge probéiert hu Konsenser ze fannen. Ech stellen elo fest, dass fir dës Regierung Konsens nëmmen ass, wa beim Vote dat erauskënnt wat hinnen an de Krom passt. Wann net erauskënnt wat hinnen an de Krom passt, da schwätze se net méi vu Konsens an da gëtt strikt Majoritéit/Oppositioun ugewannt.

Entweder mir probéieren am Ganzen e Gesetzkonsens ze fannen. Dat hutt Der net gemaach. Dir hutt während der Prozedur, während dem Match, d'Abseitsregele geännert. Dat ass dat wat mir hei monéieren.

Et geet eis net ëm de Fong. Ech wollt dat nach eng Kéier kloer stellen. Dat do kann een alles novollzéien. Déi Bréiwer, déi vum President un d'Fraktioune geschéckt si ginn, déi leien hei, déi bleiwen an den Archiven, an ech hoffen, dass d'Äntwerte vun deene jeeweilege Fraktiounen an d'Rapporte kommen. Da gesi mer ganz genee wéini wou wat ofgestëmmt ginn ass.

Dat ass dat, wéi et sech zougedroen huet, an dass dunn dat erëm op d'Kopp gehäit ginn ass, dat ass dat wat ech hei wollt monéieren.

M. le Président.- D'Wuert huet nach gefrot den Här Ben Fayot, an dann den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech hätt net an dës Debatt agegraff. Et sinn aner méi kompetent Leit vun onser Fraktioun déi dat gemaach hunn, mä ech wollt awer eppes soen iwwert déi berühmten Doppelkandidatur bei den Europawahlen, déi den Här Weiler jo de Moie ganz staark erausbruecht huet.

Déi 24 am mannsten entwéckelt Länner leie südlech vun der Sahara. D'Zuel vun de Biergerkricher ass an den 90er Joren drastesch an d'Luucht gaangen. 3,6 Milliounen Affer sinn opgrond vun interstaatleche Konflikter ze verzeechnen. D'Zuel vun de Flüchtlingen aus de Biergerkrichsstaten huet sech verduebelt. 40 Millioune sinn un AIDS erkrankt, dovu 95% an den Entwécklungslänner. AIDS rafft a Länner wéi Südafrika, Malawien oder Simbabwe ganz Bevölkerungsschichten ewech, déi fir d'ekonomesch Entwécklung onerlässlech sinn. Malaria an Tuberkulose droen haut nach ëmmer zum Däiwelskrees aus Aarmuttt a Krankheet bäi.

Mir brauchen dofir méi wéi je e kloert an onmëssverständlecht Bekenntnis zur Entwécklungshëllef, eng Entwécklungshëllef déi haut méi wéi soss e Pilier am Kampf géint den internationalen Terrorismus duerstelle muss.

Déi zwee Beräicher sinn zwou Säite vun därselwechter Medail. D'Solidaritéit mat der drëtter an der véierter Welt dierf net en immédiat Affer gi vu wirtschaftlecher Rezessioun. Si muss vill méi eng Konstant ginn am aussepoliteschen Agenda vun der Stategemeinschaft, well dauerhaft, an do mengen ech si mir eis all eens, wäerten déi Äermst vun deenen Äermsten hiert Lous net méi wëllen akzeptéieren. Folglech ass d'Entwécklungspolitik ëmmer vun engem nationalen Intérêt vun all Land, awer ganz besonnesch vun Industrienatiounen, déi laangfristeg nëmme kënnen hire Fridde sécheren, wann de Gruef tëschent Aarm a Räich net ze déif gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg gëtt dëser Verantwortung gerecht. Fir eis Regierung ass d'Entwécklungspolitik prioritär, dëst och a wirtschaftlech méi schlechten Zäiten, well se weess dass dës Entwécklungspolitik sech ëmmer bezuelt mécht.

1985 huet Lëtzebuerg 0,16% vu sengem PIB an d'Kooperatioun investéiert. Haut leie mer am Spëtzepeloton. Wann een déi staatlech Investitioune pro Kapp rechent, esou läit Lëtzebuerg mat 356,24 Euro weltwäit un der Spëtzt. Meng Fraktioun an ech hoffen, dass eis Regierung net vun deem gesatenen Zil vun 1% virum Enn vun dëser Legislaturperiod ofréckelt.

D'Debatte fir de Budget 2003 hunn och bei eis verdäitlecht, wéi schnell de Grondkonsens an der Bevölkerung iwwert d'Kooperatioun bréckele kann. Och op de lëtzebuergesche Stammdëscher ass d'Meenung wäit verbreet, dass jo eigentlech déi Gelder, déi an d'Entwécklungspolitik fléissen, vill besser bei eis opgehuewe wären. D'Argumentatioun geet vun de feelende Fleegebetter bis zu den Defizienzen an de schouleschen Infrastrukturen. Gott sei Dank ginn dës egoistesch Meenungen net vun alle Matbierger gedeelt, mä nach muss ee befäerten, dass, wann déi wirtschaftlech Situatioun sech net verbessert an d'Chômagezuelen zum Beispill substanziell an d'Luucht ginn, dës Diskussioun riskéiert méi haart ze ginn. Wann dëst bis elo nach net de Fall war, ass dat sécherlech och e Mérite vun allen an dësem Parlament vertruedene Parteien, déi sech bis elo zumindest an dësem Sujet ni op eng polemesch a populistesch Argumentatioun erof gesat hunn.

Dofir begréisst och meng Fraktioun ausdrécklech déi initiéiert Sensibilisatiounscampagne iwwer Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik, well et geet hei leschten Enns schlussendlech ëm e ganze Prozent, dee mir als Land als Bäitrag zu der Bekämpfung vun der Aarmutt leeschten. 99% bleiwen also nach ëmmer am räiche Wuelstandsland Lëtzebuerg.

Här President, Lëtzebuerger Investitioune gi sënnvoll a gewënnbréngend ugeluecht. De Minister Goerens, aner Memberen aus der Regierung a geleeëntlech verschidden Deputéierte konnten dat op der Plaz feststellen. Mat eise Gelder gëtt an nei Schoulen, a Waasserversuergung a Gesondheetsprogrammer, esouwuel an Erwuessenebildung esou wéi an déi ländlech Entwécklung investéiert. Duerch déi ugesprachen Informatiounscampagne soll sech eis Bevölkerung e kloert Bild iwwert den Notzen an d'Resultater vun eisen Investitiounen an d'Entwécklungspolitik maachen.

Ech wëll dann elo op e puer Grondlinne vun der lëtzebuergescher Entwécklungshëllef zréckkommen. Déi pluriannuell Ausriichtung mat deenen zéng Pays cibles ass mëttlerweil eng Approche, déi op e parteieniwwergräifende Konsens stéisst.

Dës laangfristeg Hëllef entsprécht de Recommandatioune vun der OECD. Déi selektionéiert Länner zielen zu deenen äermsten op der Welt, virun allem um afrikanesche Kontinent. An et ass haut erfreelech, dass sech fréier Zillänner verbessert hunn. Et wier vermessen ze mengen, dëst wier eleng op d'Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik zréckzeféieren.

Ech denken awer, dass Lëtzebuerg e wichtege Bäitrag zu dëse Fortschrëtter geleescht huet. D´Ile Maurice an Tunesien sollen hei nëmmen als Beispill opgefouert ginn. Mat anere fréieren Zillänner besteet d'Kooperatioun um humanitäre Plang nach ëmmer weider. Iwwert de Choix vun esou genannten Zillänner vun der Lëtzebuerger Entwécklungshëllef léisst sech streiden. D'Sierra Leone a Burundi zielen haut zu deenen alleräermste Länner op der Welt. Well déi politesch Situatioun awer esou verfuer ass, ass et schwéier e laangfristege Projet auszeschaffen an deen och op der Plaz ëmzesetzen.

Et mécht deemno wéineg Sënn an dëse Länner unzesetzen. De Cap-Vert ass haut ee vun de Pays cibles, e Grond firwat mer grad mat dësem Land kooperéiere läit op der Hand. Ëmmer méi Matbierger kommen aus dësem westafrikanesche Land. Haut ass et esou, dass mer ëmmer méi Matbierger aus dem ehemolege Jugoslawien bei eis ophuelen. Ech wëllt dofir gären dem Minister d'Fro stellen, ob et net sënnvoll wär an Zukunft den neie Statebond Serbien-Montenegro an de Rang vun engem Pays cible ze hiewen? Elo schonn ënnerstëtzt Lëtzebuerg verschidde gezielte Projeten am Kosowo-Montenegro an a Serbien. De Grondsteen vun enger intensivéierter Zesummenaarbecht wär dofir scho geluecht.

An dësem Kontext drängt sech déi grondsätzlech an och politesch Fro op, d'Entwécklungspolitik mat eiser Asylpolitik méi enk ze verknäppen. Duerch d'Opbauaarbecht a Serbien-Montenegro an net zu lescht och am Kosowo kann e Bäitrag geleescht ginn, fir d'Bevölkerung derzou ze beweegen an hirem Land ze bleiwen. Och an dësem Kontext wëll ech gär vum zoustännege Minister wëssen, ob eng Zesummenaarbecht mam Justizministère an dësem Secteur besteet? Meng Fraktioun ass op jidde Fall der Meenung, dass een d'Entwécklungspolitik net ofgetrennt ka gesi vun enger effizienter Asylpolitik, well mer jo och iwwerzeegt sinn dass eng Réckféierung vu Flüchtlinge wesentlech méi Sënn mécht, wann an hiren Heeméchtslänner d'Liewensbedingungen esou verbessert sinn, dass och all déi Leit reell Perspektiven hunn.

De Cap-Vert ass an deem Sënn e gutt Beispill wéi ee Relatiounen tëschent enger ëmmer méi grousser Communautéit an eisem Land an hirem Ursprongsland ka verbesseren, dëst am Interessi vu béide Länner.

Här President, den Afghanistan ass amgaang aus den internationale Medien ze verschwannen. An dach ass et net esou, wéi wann net Ursaache genuch géife bestoe fir eis Ae weiderhin op dëst vu Krich a Biergerkrich gezeechent Land ze riichten. Et kann een zwar eng gewëssen Normaliséierung am Alldag vun de Bierger feststellen. D'Leit ginn erëm op d'Strooss a kréien de Goût um Liewen erëm. Trotzdeem ass et nach e wäite Wee zu enger viabeler demokratescher Uerdnung mat relativem Wuelstand.

Wann een den internationale Presseberichter Glawe ka schenken, esou ginn nach ëmmer déi eenzel Regioune vun deene verschiddene Krichshäre kontrolléiert a regéiert. Hei si mer nach wäit ewech vun engem Ufank vun demokratesche Strukturen.

Och d'Situatioun vun de Fraen ass a verschiddene Stied a Regiounen nach ëmmer kritesch a si bleiwen nach oft vun de Schoulen an domat vum Accès zu Wëssen a Bildung ausgeschloss.

Awer och um medizinesche Plang bleiwen nach enorm Efforten ze maachen, fir dëst Land zu enger halbwegs normaler medizinescher Versuergung erunzeféieren.

Wat engem awer am meeschten ze denke muss ginn, ass de Fait dass e groussen Deel vum Land, déi intellektuell Elite komplett ausgeschloss ass vun der Administratioun an der Gestioun. E Land wéi Afghanistan ka sech sécherlech mëttel- a laangfristeg de Luxus net leeschten, seng sougenannten Intelligenzia einfach auszeschléissen.

An dësem Kontext wëll ech dofir froen, wéi Lëtzebuerg an Afghanistan matenee kooperéieren? Wéi ass Lëtzebuerg an der Hëllef fir Afghanistan agebonnen? Dat esouwuel op nationalem wéi internationalem Niveau. Ech kommen domat op meng Suggestioun vum leschte Joer zréck, fir nach eng Kéier ze kucken, ob een aus dem Afghanistan net mëttelfristeg kënnt e Pays cible vun eiser Kooperatiounspolitik maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass kee Geheimnis, dass eis Kooperatioun net déi wier ouni deen onermiddlechen Asaz vun eisen ONGen, dëst esouwuel bei eis hei heem wéi awer och op der Plaz selwer. Zu Lëtzebuerg si bal 80 ONGen am Asaz. 2001 huet de Ministère e Montant vun 21,6 Milliounen Euro zur Verfügung gestallt, wat eng Steigerung vu bal 16% par rapport zum Joer 2000 ausmécht a bal dat Duebelt aus dem Joer 1998.

Ech wëllt awer hei op e puer méi kritesch Froen iwwert d'Zesummenaarbecht mat den ONGen zréckkommen. Bal 80 ONGe schéngt mer dach eng enorm héich Zuel, wa mer nach méi eng grouss Effikassitéit um Terrain wëlle kréien. D'Jalousie, déi oft tëschent den Organisatioune besteet, mécht d'Aarbecht net grad méi einfach.

Ech wëll dofir an dësem Kontext d'Fro ubréngen, ob et méiglech wär fir méi Synergien tëschent den ONGen an d'Wee ze leeden an ze kucke wéi verschidde Projete mëttelfristeg kéinten zesummegeluecht ginn. Och op administrativem Plang kënnten d'ONGe méi enk zesummeschaffen an déi eng vläicht besser vum Know-how vun där anerer profitéieren.

An dësem Kontext kënnt een net derlaanscht, fir op déi deelweis grouss Differenzen hinzeweisen, déi tëschent den ONGe bestinn, dëst souwuel op organisatoreschem wéi op administrativem Plang. Wat positiv ass, dat ass dass ëmmer méi ONGe sech äußerst professionell organiséieren an der Gestioun vun hiren Organisatiounen. Mä leider Gottes muss een awer ëmmer nach feststellen, datt bei enger Rei aneren ONGe mer wäit vun esou enger professioneller Gestioun ewech sinn. Wann een doniewent weess, datt et ëmmer méi schwéier gëtt fir d'Leit, déi hei onentgeltlech schaffen, bei der Staang ze halen, esou dierf trotzdeem d'Fro vun der Zesummeleeung vun den ONGe keen Tabuthema sinn.

Esou eng Zesummeleeung kann awer nëmmen an d'Wee geleet ginn, wann hei den zoustännege Ministère iwwert de Wee vun Incitatiounen esou Synergië méi staark encouragéiert. Dobäi kënnt, datt haut d'Gemengen eng eegestänneg Kooperatiounspoliltik bedreiwen, sief dat datt se selwer Kooperatiounsprojeten hunn oder awer d'Entwécklungspolitik iwwert de Wee vu Subsidien, déi se un ONGe verdeelen, ënnerstëtzen.

Hei ass virop d'Fro ze stellen, ob dës Aktivitéit weider soll ënnert d'Kompetenz vun de Gemenge falen oder ob dëst net sollt virrangeg eng national Aufgab sinn, wat awer net bedeite kann, datt all Gemeng e gewëssene Pourcentage vu sengem Budget fir Entwécklungshëllef zur Verfügung stellt. Et wäert sécherlech interessant sinn am Kader vun der Orientéierungsdebatt iwwert d'Kompetenzen zwëschent dem Stat an de Gemengen och iwwert dëse Punkt ze diskutéieren, fir dann ze iwwerleeën, ob et net am Sënn vun enger méi effizienter Kooperatiounspolitik ass, wann d'Gemengen hei hir Zoustännegkeet un de Ministère iwwerdroen.

Dëst gesot, stellt sech awer am Moment d'Fro, datt vill Gemenge sech zimlech eleng gelooss fillen an net genuch an déi national Entwécklungshëllef agebonne ginn. D'Kritären no deenen d'Entwécklungshëllef bedriwwe gëtt sinn och zimlech divers. Bei deenen enge Gemengen - wann ech emol d'Stad Lëtzebuerg huelen - gëtt all Joer e Sujet festgehalen an d'Subsidie ginn dann un all déi ONGen accordéiert, déi an dësem Beräich Aktivitéiten hunn. An anere Gemenge gi systematesch nëmmen ONGen ënnerstëtzt, déi hire Sëtz an dëser Gemeng hunn. An nach anere Gemenge gëtt einfach e bëssen à la tête du client verfuer.

Och wann all dës Efforte sécherlech begréissenswäert sinn, esou muss ee sech dach d'Fro stellen, ob hei net vill Energien awer och Gelder net esou effizient ugeluecht gi wéi dat de Fall wär, wann dës Aktivitéite méi an en nationale Kader agebonne wären. Ech wär frou, wann de Minister mer kënnt soen, wat seng Positioun zu dëser Thematik ass a wéi hie sech an Zukunft d'Entwécklungshëllef an de Gemengen awer och d'Zesummenaarbecht zwëschent de Gemengen an dem Ministère virstellt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer iwwert d'Lëtzebuerger Entwécklungspolitik schwätzen, da kënne mer een Element net ausklameren, ech schwätzen hei iwwert de Lux-Development an iwwert de KPMG-Audit. Mir begréissen et, datt de Ministère dëser Fuerderung vum Parlament nokomm ass. Aus dësem Audit ergi sech eng Rei vu wesentleche Froen op déi ech versiche wëll anzegoen.

Eng éischt Fro ass déi vun der Rémunératioun vun deene Servicer, déi vu Lux-Development fir de Ministère exekutéiert ginn a fir déi eng bestëmmte Kommissioun bezuelt gëtt, déi proportionell zu deenen Ausgaben ass, déi fir d'Realisatioun vun dësem Projet noutwenneg sinn. D'Schwieregkeet mat dëser Prozedur ass, datt de Ministère all d'Facturë muss kontrolléieren, wat sécherlech op där enger Säit zur Transparenz bäidréit, op där anerer Säit d'Prozedur awer relativ schwéierfälleg mécht. Am Audit ass dann erauskomm, datt een dëse System vu Rémunératioun iwwert de Wee vu Kommissioune misst iwwerdenken. D'Geleeënheet ergëtt sech, wann d'Konventioun bis zum 17. Juni vun dësem Joer soll revidéiert ginn.

Eng zweet Fro, déi sech stellt, ass déi ob Lux-Development conforme ass mam Marché-publics-Gesetz. An deem Kontext hat d'europäesch Kommissioun der Regierung eng Mise en demeure zoukomme gelooss an ech wär frou vum Minister gewuer ze ginn, wat d'Suitë sinn, déi d'Regierung dëser Opfuerderung gedenkt ze ginn. Am Prinzip ass meng Fraktioun der Meenung, dass och Lux-Development sech dëser Legislatioun muss a soll ënnerwerfen.

An dësem Kontext stellt sech dann och d'Fro, ob Lux-Development quasi e Monopol um Marché vun der Entwécklungshëllef huet. Perséinlech bleiwen ech der Meenung, datt et keng gutt Saach wier, wann een aus dësem Fait géif d'Konklusioun zéien, dass een elo vun enger privatrechtlecher Gesellschaft an en Etablissement public goe sollt. Am Sënn vun enger méiglechst grousser Effizienz an Effikassitéit schéngt et mer onëmgänglech ze sinn de privatrechtleche Statut bäizebehalen. Allerdéngs muss ee sech d'Fro stellen, ob een net le cas échéant am Actionnariat Ännerunge virhëlt.

En anere Punkt ass dee wéi d'Agence an Zukunft méi Presenz um Terrain vun de Projete selwer kann assuréieren. Och wann dëst sécherlech d'Aarbecht um Terrain wäert verbesseren, muss ee sech dach d'Fro stellen, ob de Risiko dann net besteet, datt et um Siège selwer zu personnellen Enkpäss wäert kommen. D'Léisung kann dofir nëmmen an deem goldene Mëttelwee leien, deen an dësem Fall e personalpoliteschen Equilibre tëschent den autonom fonctionnéierende Büroen um Terrain an der Maison mère hei zu Lëtzebuerg läit. An dësem Kontext huet d'KPMG-Etüd jo och gewisen, datt besonnesch am Ministère et muss zu Opstockunge komme bei där ëmmer méi grousser Zuel vu Projeten.

Fir de Besoin u weiderem Personal nach eng Kéier ze verdäitlechen, huet Lux-Development d'lescht Joer en neie Mataarbechter bäikritt, dee sech ëm den internen Audit gekëmmert huet. De Mataarbechter selwer war awer zur gläicher Zäit mat an d'Operatioune vun der Agence integréiert, wat eng onofhängeg a permanent Kontroll onméiglech gemaach huet. Deemno besteet hei dréngenden Handlungsbedarf. Den Audit interne muss dem Verwaltungsrot en bonne et due forme zougänglech gemaach ginn, compte tenu vun de Sommen, déi der Lux-Development fir hir Projeten zur Verfügung gestallt ginn.

Problemer schéngt et och um Niveau vun de Facturatiounen ze ginn. Géigewäerteg évaluéiert de Ministère d'Projete selwer, déi vu Lux-Development realiséiert ginn. Compte tenu vun dëser Evaluatioun iwwerweist de Ministère Lux-Development fix Kommissiounen, déi de Käschte vum Projet entspriechen. Fir de KPMG-Audit huet de Ministère ënner anerem ugeroden dës Prozedur an Zukunft méi transparent ze maachen.

Schlussendlech wëllt Lux-Development an Zukunft méi fir aner Optraggeber wéi nëmme fir de Ministère de la Coopération aktiv ginn. Esou leie konkret Propositioune vun der europäescher Kommissioun vir fir Projeten, déi vu Lux-Development kënnten assuréiert ginn.

Wann dës Iddi sécherlech positiv ass an et och der Lux-Development géif erlabe sech e bësselche méi aus deem enke Corselet vum Ministère ze befreien, muss ee sech dach d'Fro stellen, ob net elo emol fir d'éischt sollten all d'Konklusiounen aus dem Audit gezu ginn, fir datt Lux-Development sech esou organiséiert, sou-

wuel um administrative wéi um finanzielle Plang, datt se an Zukunft nach besser kann d'Erausfuerderungen, déi op se zoukommen, erfëllen, ier se elo schonn zousätzlech Projete fir aner Optraggeber exekutéiert. Fir meng Fraktioun muss elo d'Ëmsetzung vun de Konklusiounen aus dem Audit absolut Prioritéit hunn. Duerno besteet da sécherlech d'Méiglechkeet, fir fir aner Optraggeber ze schaffe wéi fir de Ministère.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen domadder schonn zum Schluss. Ech wollt nach eng Kéier am Numm vu menger Fraktioun ervirhiewen, dass mer dee vum zoustännege Minister ageschloene Wee an der Entwécklungspolitik voll a ganz ënnerstëtzen. D'Entwécklungspolitik ass haut en integrale Bestanddeel vun eiser Aussepolitik, an och wa mir elo schonn ënnert de G8 si vun de Länner, déi Entwécklungspolitik leeschten, esou solle mer eis net op eise Lorbeeren ausrouen, mä mat deemselwechten Engagement déi Objektiver, déi de Minister nach eng Kéier eis duergeluecht huet, weiderverfollegen.

Wann ee weess, dass déi Länner, déi déi héchsten Entwécklungshëllef leeschten, och déi sinn, déi déi niddregst Aarmutt kennen, beweist dat méi wéi all aner philosophesch Argumentatioun, datt d'Solidaritéit doheem an dobaussen an der Welt u sech ondeelbar ass. Wa mir och an Zukunft wëlle Stabilitéit a Fridden an eise Länner kennen, da geet dat net zum Nulltarif. Wann een domadder nach derniewent d'Reputatioun vun eisem Land ka verbesseren, esou soll dat keen Haaptobjektiv sinn, mä trotzdeem en net oninteressanten Niweneffekt.

Wann een emol bei esou enger Rees derbäi war a wann een d'Begeeschterung vun deene Leit, besonnesch vun de Kanner, gesinn huet, da gesäit een datt d'Entwécklungshëllef méi wéi deier Publicitéitscampagnen zum gudde Ruff vun eisem Land bäidroen.

Dëst gesot, wëll ech hei fir meng Fraktioun e kloert Bekenntnis zur Entwécklungspolitik maachen, mat der Invitatioun datt mer eis net sollen op eise Lorbeeren ausrouen, mä konsequent den Objektiv vun 1% Entwécklungshëllef vun eisem PIB virun upeilen, nom Motto datt mir net méi aarm gi wa mer mat deenen Aarmen deelen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Dir hutt virdru vun Entwécklungshëllef un d'Gemenge geschwat: Hutt Dir domat och déi Lëtzebuerger Gemenge gemengt?

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Bien entendu!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Well déi brauchen der nämlech och geschwënn.

Plusieurs voix.- Oh!

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Lydie Err.

Mme Lydie Err (*LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll a mengem Numm an am Numm vu menger Fraktioun den Accord bréngen zum Entwécklungszesummenaarbechtseffort, deen hei geleescht gëtt, an och déi Démarche ënnerstëtzen, wou um Niveau Quantitéit déi Entwécklungszesummenaarbecht soll higoen.

Ech wëll dann zréckkommen op d'Joer 2000, dat heescht e bësse méi wäit, fir ze kucke wat 2001 geschitt ass a wou een als Konklusioun kënnt fir 2003 an déi Joren derno hikommen.

2001 war sécherlech e ganz wichtegt Joer. Et ass dat éischt Joer wou mer am Club vun de G-08 sinn op der drëtter Plaz, somme toute ex aequo mat den Niederlanden, no Norwegen an no Dänemark, an ech mengen et ass wichteg ënnerstrach ze ginn, datt héchstens 5 bis maximal 7% vun där Aide à la Coopération, déi mir ginn, liéiert ass, an dat ass sécherlech par rapport zu deene Länner, déi nach virun eis sinn, eng grouss Differenz, virun allem fir déi Länner déi vun där Hëllef kënne profitéieren.

Zweete wichtege Punkt ass fir mech d'Ouverture vun der Missioun zu Dakar am Januar 2000. Ech hu just an deem Zesummenhank eng Fro. Am September vun deemselwechte Joer ass um Cap-Vert Vert zu Praia net eng Missioun, mä e Bureau de Coordination opgaangen. Ech ka mer virstelle firwat dat ass an hunn absolut kee Problem mat där Persoun déi dee Büro leet, well déi huet hir Kompetenzen op der Plaz largement bewisen. Ech hu mech just gefrot, ob et logesch war an deemselwechte Joer op zwou Plazen an däerselwechter Géigend vun der Welt e Koordinatiounsbüro opzemaachen, besonnesch da wann déi zwou Plazen, wéi an deem gegebene Fall hei, esou no beienee leien. An deemselwechte Kontext hänken ech eng Fro un. Firwat ass vun de Länner an där Géigend just de Niger vun de Kompetenze vun der Koordinatiounsmissioun vun Dakar ausgeschloss?

2001 war och den Audit vun der Lux-Development, en Audit financier et fonctionnel, an ech wollt och do dem Minister merci soen, well et ass eng vun deene rare Kéiere wou direkt eng Demande an eng Motioun vun der Chamber an d'Praxis ëmgesat ginn ass, an zwar am Sënn vun enger konstruktiver Analys vun deem wat passéiert ass. Ech denken och, dass de Moment vun dësem Audit sech ganz gutt presentéiert huet, well e Changement op der Spëtzt vun der Lux-Development war.

2001 war och d'Joer wou de BAT opgaangen ass, an dat muss ee gesinn am Zesummenhank mat de Relatioune vum Ministère mat den ONGen engersäits, mam Cercle vun den ONGen anerersäits, an och de Bureau d'Aide à l'éducation et à l'information au développement. Och dat, mengen ech, ass am Zesummenhank mat den ONGen ze gesinn eng ganz gutt Saach, an ech wäert herno nach e wéineg drop zréckkommen.

E fënnefte Punkt, deen ech als ganz wichtegen erausträichen iwwert d'Joer 2000, ass den Ufank vun engem grousse Projet géint de SIDA, den ESTHER-Programm, an ech denken dass jiddfereen heibannen déi Initiativ an där Hinsicht nëmme félicitéiere kann.

E sechste Punkt, d'Cellule d'évaluation interne um Ministère. Dat war eng vu menge grousse Suergen, et war och eng vun de Suerge vum CAD, wou 1998 de leschten „Examen" war, deen deemnächst erëm usteet, an ech denken dass ee just déi Efforten hei muss e bësse méi genee ënnert d'Lupp huelen, esou wéi aner Considératiounen oder Konklusiounen, déi beim CAD d'lescht Kéier erauskomm sinn, fir dass déi Debatt hei als Virbereedung kann déngen, fir déi Kontroll vun eiser Entwécklungszesummenaarbecht, déi usteet.

Den Audit interne an der Lux-Developpment ass sécherlech och en Element wat ervirzeträichen ass, mä och do kommen ech nach drop zréck.

Ee vun deene wichtege Punkte fir mech vun 1991 ass de Fait dass déi Programmes individuels de coopération do gemaach gi sinn, well dat et erlaabt net nëmme Programmer ze hunn, mä Programmer kënnen nozevollzéien, virauszezéien, ze évaluéieren am Laf vun der Zäit an eventuell ze réadaptéieren, wann déi Noutwendegkeet dee Moment da soll bestoen.

1991 war och a mengen Aen e wichtegt Element. Déi Tatsaach, dass verschidde legislativ Adaptatioune komm sinn, notamment iwwert de Statut vun den Agents de coopération. Och dat, mengen ech, ass eng wichteg Geschicht, och wann ech iwwert Detailer, déi an deem Règlement grand-ducal dra stinn, net onbedéngt begeeschtert sinn, haaptsächlech déi déi Trait hunn un d'Revenuen, a virun allem bedaueren ech dass ech an deem Reglement näischt erëm konnt fannen iwwer méi prezis de Statut vun den Agents de la coopération, wat aner Saache wéi d'Disziplin ubelaangt. Mä ech mengen, dass dat net esou wichteg ass. Wichteg ass et, dass dat Reglement do komm ass, dass déi Leit, déi de Ministère absolut brauch, déi och op anere Plaze wéi zu Lëtzebuerg gebraucht ginn, eng Perspektiv op länger Zäit kréien, déi se bis elo net haten, an dass domadder eng gewësse Stabilitéit am Ministère kann zustane kommen. Och dat, mengen ech, ass absolut ze begréissen.

Den néngte Punkt ass de Comité de suivi, deen agefouert ginn ass.

Den zéngte Punkt ass eventuell ervirzeträichen, dass fir d'éischt eng Kollaboratioun vun der Lëtzebuerger Entwécklungszesummenaarbecht mam BIT war.

Den eelefte Punkt ass sécherlech e manner gudden. Dat ass, dass 2001 dat Joer war wou de Conseil de coopération au développement zu Bréissel verschwonnen ass an absorbéiert ginn ass an de Conseil Affaires générales. Ech weess, well mer mam Minister doriwwer geschwat hunn, dass och hien dat absolut net begréisst, an ech hoffen dass hien et fäerdeg bréngt, wéi dat wat op verschiddene Plazen hei duerchkléngt, mat anere Länner, déi déiselwecht Hésitatiounen op dësem Punkt hunn, informell Rencontren ze maachen, déi dann trotzdeem kënnen afléissen an déi europäesch Politik.

E leschte Punkt wollt ech nach ervirsträichen, deen eigentlech net méi direkt mat 2001, mä éischter mat 2002 zesummenhänkt. Dat ass d'Campagne de sensibilisation um groussen Niveau, déi x Jore gefrot ginn ass, déi stattfonnt huet an deem Zesummenhank, an ech mengen dass et derwäert ass och dat ze ënnersträichen, eng Zesummenaarbecht mat dem SYVICOL, dat heescht mat eise Gemengen um Terrain ugestrieft ginn ass, net am Kader vun der Campagne, wat wichteg ass, an de Minister huet et gesot op enger Plaz, déi mer elo entfält, dass et vill méi wichteg ass fir d'Gemengen ze sensibiliséieren, fir d'Adhérance vun der Opinion publique un der Kooperatioun mat sech ze kréien, wéi iwwert dee Wee vun de Gemenge Suen ze mobiliséieren. Et geet also och do prinzipiell ëm eng ganz wichteg Saach.

Esou wäit, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, déi positiv Säiten, déi 2001 an dësem Zesummenhank ze soe waren. Vläicht ee leschten, deen ech vergiess hunn. Och de Rapport annuel vun 2001 huet sech largement verbessert par rapport zu deene Jore virdrun. En ass méi lisible ginn, en ass méi komplett ginn. Ech wollt awer trotzdeem nach e puer Suggestioune maachen, wou en nach kënnt verbessert ginn.

Ech begréissen, dass contrairement zu deene Jore virdrun, wou dat net méiglech war, pro Land, besonnesch pro Pays cible, déi Programmer ugedeit sinn, dass Chiffren do sinn, net nëmme vum Joer 2000, mä och vum Joer 2001. Ech bedaueren, dass keng Previsiounen derbäi sinn, well et ass natierlech esou dass all déi Projete mussen an enger Perspektiv gesi ginn an dass een och dann, wann um Ministère gewosst ass, wéi déi Evolutioun geplangt ass, dat aus dem Rapport net kann erausliesen, dat fannen ech schued.

Ech fannen et och interessant fir en nächste Rapport annuel, fir e Modell vun engem Programme individuel de coopération bäizeleeën, an ech denken och dass bei deenen Annexen et interessant wier, d'Konventioun vun der Lux-Development, e Modell vun engem Accord de coopération oder esou Saache bäizeleeën, well wann ee sech net genee auskennt, da fënnt ee sech an deene verschiddene Schréftstécker do schlecht erëm. Ech mengen, dass et d'autant méi wichteg wier fir 2002 den aktuellen Accord oder d'Konventioun mat der Lux-Development an eventuell den Accord cadre ze pulséieren, wou mer wëssen, dass dëst Joer 2003 dat soll ëmgeännert ginn an dass ee fir d'Ëmännerung kënnen ze appréciéiere misst wësse wat hautdësdags do lass ass.

Eng kuerz Aféierung zur Situatioun vun der Entwécklungszesummenaarbecht op der Welt, déi actuellement sechs Millioune Leit zielt, an déi - an dat ass derwäert ënnerstrach ze ginn - an honnert Joer sech quadrupléiert huet. Dat war e Boom wéi et nach ni an der Weltgeschicht vun der Demographie de Fall war. Et hätt een doraus kënne schléissen, dass déi Zäiten, déi kommen um demographesche Standpunkt, ganz gefëierlech wieren. Den Expären no fënnt awer déi Explosion démographique, déi mer eis hätte kënnen erwaarden, net statt. Eng vun den Ursaache wäert do kënne sinn, dass de SIDA Millioune Leit ewechrappt an esou am Fong eng ganz staark Inzidenz op d'demographesch Entwécklung vun der Weltbevölkerung huet.

Déi Tatsaach, dass d'Explosion démographique net stattfënnt, kann awer keng Entschëllegung, net emol eng Erklärung sinn, fir déi Haltung vun den USA, déi au motif, dass géife Gebuerteninformatioun oder Avortementë gemaach gi vum FNUAP, dës Agence vun der UNO ëm 33,3 Milliounen Dollar privéiert huet am Laf vum Joer 2001. Ech mengen, dass een dës Geleeënheet muss notze fir drop hinzeweisen, dass dat eng Haltung ass déi inakzeptabel ass, besonnesch da wann déi Reprochen, déi vun den USA gemaach gi sinn, absolut net zoutreffen, notamment déi, dass hir Entwécklungshëllef un de FNUAP géif dozou déngen Avortementer a China ze favoriséieren.

Ech wëll op d'Demographie zréckkomme fir ze soen, dass nëmmen Afrika an deenen nächste 50 Joer seng Populatioun wäert verduebelen a vu sechs Milliounen haut am Joer 2050 op 1,2 Milliarde wäert kommen, während Asien mat 60% vun der Bevölkerung stabil wäert bleiwen, grad esou wéi Lateinamerika, Europa awer wäert erofkommen.

Firwat soen ech Iech dat? Mä, well ech doraus zéien, dass à moyen et à long terme et logesch wier net nëmmen aus Ursaachen, déi mam CAD zesummenhänke vu Contraignatioun vun der Lëtzebuerger Entwécklungszesummenaarbecht ze konzentréieren, mä fir drop hinzeweisen, dass mer déi Konzentratioun a mengen Aen onbedéngt misste méi staark an Afrika maachen. Firwat? Engersäits wéinst der Evolution démographique, anerersäits well d'Aarmutt an Afrika déi gréisst ass. Vun 1,5 Milliarden, dat heescht engem Drëttel vun der Weltbevölkerung, déi an absoluter Aarmutt liewen, si 70% dovunner actuellement an Afrika, während dat vun der Demographie hier eng Proportioun ass, déi dramatesch ass. Een op sechs huet keen Accès zu Waasser oder zur Evakuatioun vun ofgenotztem Waasser, an och do ass ee vun dräi an Afrika. Ee vun dräi Mënschen op der Welt ass schlecht erniert, an do och eng grouss Majoritéit an Afrika.

Wa mer wëssen, dass den Zweck vun der Entwécklungsaarbecht, deen ass fir d'Aarmutt opzehiewen, a wa mer wëssen, dass deen noblen Zweck vun der Reduzéierung vun der Halschent vun der Aarmutt op der Welt bis 2015 fixéiert ginn ass, da wësse mer, wa mer dee Cercle vicieux, deen actuellement amgaang ass, wëllen ënnerbriechen, dass mer et musse fäerdeg bréngen, no de Wierder vum zoustännege Minister, dee Cercle vicieux an e Cercle vertueux ëmzewandelen. Dat wäert natierlech net ganz einfach sinn.

Fir dat fäerdeg ze bréngen, muss ee fir d'éischt wësse vu wat ee schwätzt. Reduktioun vun der Aarmutt ass e banalen Term. Et muss ee wësse wat d'Aarmutt ass. An engem vun de Rapporte vum Ministère hunn ech eng Definitioun gelies, déi mer perfekt schéngt, dofir wëll ech Iech se hei matdeelen: „La pauvreté est un processus unilatéral dans lequel les déficits alimentaires, éducatifs et sanitaires se cumulent". Dat heescht, dass do e Cumul ass vun enger Mortalité infantile, vun enger Expectation de vie, vum Accès à l'eau, à l'éducation, à la nourriture, esou dass een am Fong, wann ee wëllt ufänken d'Aarmutt ze bekämpfen, net richteg weess, wou ee soll genau ufänken. An dofir ass déi Notioun vum Partenariat esou wichteg, fir do an Zesummenaarbecht mat de konzernéierte Leit hir Prioritéite festzestellen, fir do unzefänken oder do weider ze entwéckelen, wou si mengen dass et fir si am wichtegste wier. Ech mengen och op deem Punkt kënnt e behaapten, dass vill Progrèsë gemaach gi sinn.

De PIB ass dat Instrument wou normalerweis gemooss gëtt, wat déi ekonomesch Performancë vun engem Land sinn. De PIB kann net duergoe fir ze kucke wat fir eng Länner déi äermste sinn, well eben déi Definitioun vun der Aarmutt, déi ech Iech elo grad ginn hunn, net kann eleng an ekonomeschen Terme gemooss ginn. Dofir huet de PNUD eng Definitioun, e Kritär, en Indicateur ausgeschafft, an zwar dee vum Indicateur de développement humain, op deen ech wëll kuerz zréckkommen, deen et besser méiglech mécht ze moosse wat fir een Entwécklungsgrad an engem Land ginn ass.

Ech wollt Iech awer an dësem Kontext och nach vläicht erklären oder ee Wuert soen iwwert d'Aktivitéite vum PNUD, well déi kënnen am Fong, a mäi Virriedner huet et hei ugeschwat, net genuch ënnerstrach ginn. De PNUD ass de „Réseau mondial vun de Nations Unies, qui prône le changement et relie les pays aux connaissances et aux expériences et ressources, dont leur pays ont besoin pour améliorer leur vie". Domadder huet een am Fong de ganze Programm vun der Entwécklungszesummenaarbecht scho fixéiert. Deem, dee wierklech eppes Excellentes wëllt zu deem Thema liesen, géif ech d'Lecture vun engem Artikel aus dem PNUD-Rapport vun 2002 recommandéieren, en Artikel „Vues d'ensemble, approfondir la démocratie dans un monde fragmenté", wou haaptsächlech ënnerstrach gëtt, wou den enken Zesummenhank ass tëschent eppes wou ech weess, dass et dem Minister um Häerz läit, an zwar déi sougenannt bonne gouvernance an den Entwécklungsméiglechkeeten.

Wa mer wëssen dass déi Entwécklung nëmmen an deene Länner ka stattfannen déi demokratesch gefouert ginn, esou ass et kloer dass déi Relation causale tëschent der Gouvernance an dem Entwécklungsniveau terribel enk ass, an et geet net duer fir ze wëssen, dass ënner 200 Länner op der Welt, an 140 Länner Wahle stattfannen, fir ze soe mir hunn also dann 140 Demokratien, well dësem Bericht vum PNUD no ass et ganz kloer, dass vun deenen 140 do 82 nëmme richteg Demokratië sinn, während an all deenen anere Länner, obscho Wahle stattfannen, grouss Defiziter u Mënscherechter an un Demokratieverständnis stattfannen.

Mir mussen also probéiere gläichzäiteg dat Demokratieverständnis an den Entwécklungslänner ze ver-

besseren, fir kënnen en Développement ze erreechen, well et evident ass, dass déi zwee do Hand an Hand ginn.

Mir wëssen, dass trotz allen Effort en an deene leschte Joren an um Niveau vun der Entwécklungshëllef den Ecart tëschent deene räichen an deenen aarme Länner méi grouss ginn ass. Et ass evident, dass deen Ecart sech muss reserréieren, wa mer wëllen déi Objektiver, déi fir 2015 gesat gi sinn, erfëllen.

De Revenu vun 1% vun der Populatioun op der Welt ass deeselwechte wéi dee vun 2,7 Milliarden op der anerer Säit. Dat heescht, dass praktesch 1% vun der Weltpopulatioun datselwecht huet fir säi Konsum a fir säi Bien-être wéi praktesch d'Halschent vun der Populatioun op der anerer Säit. Dat kann net esou virugoen. Wann d'Entwécklungszesummenaarbecht fir But huet d'Entwécklung vun och de Pays en voie de développement erbäizeféieren, dann heescht dat, dass 2015 och déi 2,7 Milliarde vun der Weltbevölkerung mussen en Accès réel à l'eau hunn, à la nourriture, au logement, à la santé et à l'éducation.

Genau dat sinn déi Kritären déi no dem IDH, dem Indicateur du développement humain vun der UNO dra begraff sinn, esou dass ee kann dovunner ausgoen, dass den IDH e gudde Kritär ass, jiddefalls de Moment dee beschtméiglechen, besonnesch da wann e kombinéiert gëtt mat deenen anere Kritären déi am Rapport annuel mat drastinn, den Indicateur sexospécifique an och de PNB par habitant et parité de production. Ech wëll elo net op déi Technicitéiten do agoen, mä dat sinn objektiv Kritären, déi gemooss gi vun indépendanten Expären, an déi esou am Fong déi beschtméiglech Mooss si fir ze kucke wou e Land a senger Entwécklung drun ass.

Firwat ass déi Entwécklung an deene Länner, vun deene mer schwätzen, esou schlecht? Et gëtt sécherlech do vill Ursaachen. Eng vun deenen ass sécherlech déi liberal Mondialisatioun déi amgaang ass, déi mat sech bréngt dass d'Präisser vun de Matières premières erofginn, während déi vun de Servicer a Produiten, déi an der entwéckelter Welt existéieren, eropginn. D'Spekulatioun op de Capitauxen ouni Taxatioun, an ech sinn a menger leschter Ried op dëser Tribün an dësem Kontext op d'Tobin-Tax agaangen, a virun allem och den Demokratisatiounsprozess, deen defizient ass, an d'Schold vun den Drëttlänner.

Ech wëll ee Wuert zu dëser Schold soen, ier ech méi genee op d'Lëtzebuerger Kooperatiounszesummenaarbecht zréckkommen.

Déi Schold, déi existéiert zënter de 50er Joren a bis an d'70er Joren eran konnt d'Schold vun den Entwécklungslänner einegermoossen zréckbezuelt ginn. An de 70er Joren, an der éischter Petrolskris, ass op eemol den Taux vun de Scholden terribel eropgaangen an déi Länner, déi déi Scholden haten, kruten ëmmer méi Schwieregkeeten déi Scholden zréckzebezuelen. Eppes wat awer net bekannt ass, wollt ech hei soen. Dat ass, wa mer 2002 déi Scholde kucken déi et op der Welt gëtt, da stelle mer fest dass 77 Entwécklungslänner, bei deene Russland a China derbäi sinn, actuellement eng Totalschold hu vun 2.500 Milliarden Dollar. Wat net gewosst ass, dat ass - oder net genuch gewosst ass -, dass dee Montant nëmme 5% vun der Schold duerstellt déi op der ganzer Welt ass an dass dat héchtsverschëldent Land op der Welt d'amerikanesch State vun Amerika sinn, déi mat 29.000 Milliarde vun der Schold do stinn. Dat heescht, méi wéi d'Halschent vun der Schold, déi op der Welt existéiert.

Wa mer wëssen, dass an den Entwécklungslänner, déi 5% vun dëser genannter Schold hunn, 85% vun der Weltbevölkerung liewen, da misst ee kënnen dovunner ausgoen, dass déi Ressourcen, déi an deene Länner, wou déi 85% vun der Weltbevölkerung liewen, misste kënne benotzt gi fir d'Entwécklung vun dësem Land, an net fir Scholden zréckzebezuelen.

Wann de PNUD, vun deem ech elo scho geschwat hunn, ausgerechent huet, zënter Joren och bekannt ass, dass 80 Milliounen Dollar d'Joer während zéng Joer géifen duergoe fir d'ganz Weltbevölkerung propper ze ernieren, gesondheetlech ze versuergen an eng Education de base ze ginn, dann ass et sécherlech dramatesch dass déi Suen, déi dofir géife gebraucht ginn, leider haut nach ëmmer musse gebraucht ginn zu groussen Deeler fir d'Zënse vu Scholden zréckzebezuelen, déi entre-temps schonn x-mol, wat hire Montant principal ubelaangt, géifen zréckgoen.

Ech wollt da kuerz op dat zréckgoe wat am leschte CAD-Examen 1988 als Konklusioun erauskomm ass. Ech wollt lech proposéieren, déi verschidde Punkten, op déi ech agoe wëll, no dësem Schema ze kucken.

1. Déi Recommandatioun vun der leschter Kéier, fir ze soen, dass den Nombre des pays bénéficiaires misst erofgoen, dat ass eng Préoccupatioun, déi konstant ass, déi zënter ausganks den 90er Joren existéiert an en fonction vun där ech ganz genau dee Rapport annuel hei duerchgekuckt hunn.

D'Aide bilatérale an de Pays cibles war am Joer 2001 30,9 Milliarden Euro. - Elo kommen ech an d'Labrenten, well ech mat Zuelen ëmmer e bësse Schwieregkeeten hunn. - Op zwou Plaze steet an dësem Rapport annuel, dass d'Pays cibles am Joer 2001 31% vun der Aide publique au développement kritt hunn. Am Memorandum fir de CAD steet dran, dass déi Aide an d'Pays cibles 72% géif ausmaachen. Ech si ganz schlecht am Rechnen, mä wann ech weess dass d'Lëtzebuerger Gesamtentwécklungshëllef op 6 Milliarden ass, a wann ech weess dass d'Aide bilatérale an de Pays cibles 30,9 Milliounen Euro ass, da kommen ech do mam beschte Wëllen net op déi 31%, geschweigs op déi 72%. Ech loosse mech gären an där Hisiicht beléieren. Ech fäerten awer, dass déi Prozenter gerechent gi sinn net par rapport zum Gesamtbetrag, mä par rapport zu iergendengem Montant, dee mir e Rätsel ass, an deen ech verzweifelt probéiert hunn an deene leschte puer Deeg erauszefannen.

Vun där Aide an d'Pays cibles si 54% an Afrika gaangen, 22% a Lateinamerika an an Asien, a 5% an d'Territoires palestiniens, déi zwar offiziell net op der Lëscht stinn, mä deenen hir Entwécklungshëllef sécherlech grad esou berechtegt ass wéi deenen aneren hir.

Ech kommen dorop zréck fir lech nach zwou Minutten Argumenter ze liwweren, firwat ech denken dass d'Konzentratioun vun de Länner misst an Afrika leien, an zwar wa mer wëssen, dass 54% vun eiser Hëllef an Afrika ginn, an dass an Afrika sechs vun de Länner leien, dat heescht méi wéi am Rescht vun der Welt, an dass an Afrika an eisen Zillänner ongeféier 33 Milliboune Leit betraff sinn, während Salvador an Nicaragua, déi d'Halschent grosso modo wéi Afrika vun eisem Stat op bilateralem Wee kréien, 11,11% vun der Populatioun hunn. D'Proportioun ass natierlech eng ganz aner an Asien, wou 82,6 Milliboune Leit betraff si fir déi nämlecht 22%, wat natierlech doduerch kënnt, well d'Populatioun vum Vietnam esou héich ass. A wa mer dann ausgi vun der Recommandatioun vum CAD, fir ze soe mir missten eis Hëllef konzentréieren, da géif ech dovunner ausgoen, dass déi Argumenter, déi ech virdru gesot hunn, zesumme mat deene Montanten a mat de Populatiounszuelen, déi ech lech elo grad genannt hunn, wierklech alleguerten derfir plädéieren, fir eis Hëllef an Afrika mussen ze konzentréieren, wat net wëllt heeschen dass ech denken, dass dofir déi Hëllefen op deenen anere Plaze vun der Welt mussen opgehale ginn, mä eng Konzentratioun heescht eppes aneschters wéi ophalen.

Dann hunn ech, an dat ass mäi gréisste Problem mat dem Rapport annuel, dat war iwwregens och scho viru Jore mäi gréisste Problem mat deem Rapport annuel, dass ausser deenen zéng Pays cibles et e ganze Koup Länner gëtt, déi Pays à projet sinn. Ech schwätze vun der Aide bilatérale. D'ONGe maache selbstverständlech an deene Länner, wou si hir Akzenter hunn, déi Aktiounen, déi si fir richteg fannen.

Mir hunn ausser deenen zéng respektiv 11 Zillänner nach 20 Pays à projet. An dat ass och e Reproche, deen ech maache fir d'Lisibilitéit vun dësem Rapport. Bei deenen 20 Länner, déi Pays à projet sinn, steet kee Raisonnement derbäi, firwat déi Länner Projete kréien. Ech ka mer virstelle firwat si se kréien. Dat si Länner, déi deelweis besser entwéckelt si wéi déi aner Zillänner a wou et méi einfach ze schaffen ass, wou d'Capacité d'absorption vun den Autoritéiten a vun de Leit op der Plaz méi grouss ass wéi an anere Länner. Et bleift fir mech inakzeptabel, an ech kann dat net genuch ënnersträichen, dass Länner wéi Tunesien, wat Zilland war a wat keen Zilland méi ass zënter 1998, am Joer 2001 nach 2,450 Milliounen Euro kritt huet. Et ass fir mech och net akzeptabel, dass Marokko 2,906 Milliounen Euro kritt huet an domadder Montanten agestach huet, déi heiansdo méi héich si wéi dat wat de Stat bilateral an d'Zillänner gestach huet.

Déiselwecht Kriticke gëlle fir den Ecuador mat 1,639 Milliounen Euro. Ech denken, dass dat Saache sinn, déi näischt mat Zifferen ze dinn hunn, déi einfach eppes mam Prinzip ze dinn hunn.

Ech hunn déi 20 Länner opgezielt an ech rechnen en Total zesumme vu Pays à projet vun 23 Milliounen, wat exklusiv bilateral Hëllef ass, während d'Regierung op bilateralem Plang an d'Pays cibles nëmmen 30,9 Millioune ginn huet. Mir kommen also praktesch op Zifferen, déi am Verhältnis net esou wäit ausernee si fir d'Zillänner wéi fir déi aner Länner. Fir mech geet dat net.

A mengen Aen ass et richteg, dass bei d'Länner à projet nei Länner derbäi komm sinn déi a Süd-Osteuropa leien, notamment de Kosowo, de Montenegro, wou vill Suen investéiert gi sinn. Ech fannen dat richteg par rapport zu der Situatioun op der Welt déi mer haten, och néideg par rapport zu deene Leit déi mer hei hunn an déi mer zréckféieren, fir deenen ze hëllefen eng Rehabilitatioun erëm opzebauen. Ech kann net acceptéieren, dass anerersäits Länner do dra bleiwen déi behandelt gi wéi wa se Pays cibles wieren, obscho se keng méi sinn nodeem se 1998 e Statut kritt hunn, e Statut transitoire vun engem Pays cible op een aneren, a wou haut och nach an deene Länner net geschafft gëtt, wéi eigentlech misst geschafft ginn, wann ee géif Entwécklungshëllef maachen, mat fifty-fifty mindestens, wat iwwregens och a verschiddenen Zillänner misst de Fall sinn. Jiddefalls denken ech, och wann een derfir ass, dass am Ruanda an am Burundi erëm ugefange ginn ass ze schaffen, nodeem et jorelaang net méiglech war dat do ze maachen, dass déi Proportioune vun deene Suen, déi investéiert ginn a Länner déi keng Zillänner si par rapport zu deenen aneren, inakzeptabel ass.

Ech wëll ee Moment op déi Zillänner zréckkommen, well ech fannen dass dat eng ganz wichteg Diskussioun ass. Ech weess, dass Lëtzebuerg haut déiselwecht Zillänner nach huet wéi déi, déi vun 1999 u fixéiert gi sinn. Dat wëllt awer net onbedingt heeschen, dass dat positiv ass, well ech denken dass et net normal ass déi Kritären, déi mer deemools haten an déi variéieren, indifferent unzewenden op eng Situatioun déi sech verännert.

Ech fannen et net normal, wann ech déi Zillänner hei kucken an déi verschidden Tableaue mat den Indicateuren, dass do esou grouss Divergenze sinn an den Zifferen, ouni dass déi sech erëmschloen an der Aide oder an der Zort vun der Aide déi Lëtzebuerg gëtt.

Ech huelen hei e puer Zifferen eraus. Ech fannen et och iergendwéi anormal, dass een Zilland wéi de Burkina Faso, wat dat 159. Land ass vun 162, wat den Indicateur humain de développement ubelaangt, 960.000 Euro vum Lëtzebuerger Stat iwwer bilateral Hëllef an 3,424.138 Milliounen iwwert d'ONGe kritt.

Ech hunn absolut näischt dergéint, dass an den Zillänner d'ONGe méi aktiv si wéi dat an anere Länner de Fall ass. Ech fanne just dass déi Proportioun do ongesond ass. Ongesond firwat? Net onbedingt, dass déi Hëllef do manner gutt ukënnt, mä ongesond dofir dass ee riskéiert iwwert dëse Wee d'Instrument vun der Politik aus der Hand vun dem Ministère geholl ze kréien an dat däerf, wat d'Zillänner ubelaangt, Här Minister, a mengen Aen, absolut net de Fall sinn.

Ech fannen et absolut anormal dass Länner, déi ganz grouss Progrèsen op allen Indicateure gemaach hunn, nach ëmmer Pays cibles bleiwen, wat net heesche wëllt dass een dofir vun haut op muer déi Länner do muss vun der Lëscht erofhuelen. Wann een d'Wäerter op dem Tableau kuckt, da fënnt ee ganz séier eraus, wat fir eng dat sinn. Dat ass ënner anerem Namibia, den El Salvador, den Nicaragua, wou ech weess, dass wéinst Catastrophes naturelles speziell Situatioune sinn, wat awer keng Ursaach dierft si fir net eng aner Zort vu Kooperatioun mat deene Länner unzefänke wéi dat bis elo de Fall war, an dat heescht eng Kooperatioun wou et misst méiglech sinn eng Associatioun vun de Länner, an deene mer schaffen, mat de Fonge vu Lëtzebuerg ze kombinéieren.

Dat drëtt Land, wou d'Ziffere vill besser sinn, dat ass den Nicaragua.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Dat kann net sinn.

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Entschëllegt, ech hunn déi falsch Rubrique geholl.

Dat sinn déi Länner, wou eis Hëllefen am héchste sinn a wou et och evident ass, dass se héich sinn, well do Katastrophe waren, obschonn d'Indicateuren am Total sech gebessert hunn.

Déi Länner, wou et schwiereg ass mat der Theorie iwwerteneen ze kommen, ass virun allem Namibia a praktesch all déi Länner, déi op der Lëscht si vun de Pays à projet. Ech mengen dass et net normal ass, dass een d'Konzentratioun esou interprétéiert, dass eng ähnlech Hëllef wéi déi vun de Pays cibles a Länner geet déi nëmmen e Pays à projet sinn.

Namibia ass zweifelsohne eent vun deene Länner wou misst ugefaange ginn op Basis vu fifty-fifty oder Ähnlechem ze schaffen an et net méi mat 100% ze cofinanzéieren. Datselwecht ass och bei deene Pays à projet, wou sécherlech d'Projete justifiéiert sinn, méiglech, andeem dass Proportioune vun den Eegemoyene vun deene Länner géifen erugezu ginn, fir e gewëssenen Equiliber hierzestelle mat der Hëllef par rapport zu deenen äermste Länner vun der Welt.

Ech kommen elo ganz schnell zu mengem zweete Punkt. Dat ass d'Zesummenaarbecht vun den ONGen an d'Progrèsen, déi op dësem Punkt gemaach gi sinn. Et war ee vun den Encouragementer vun de Konklusioune vum CAD vun 1998, fir déi Zesummenaarbecht ze vereinfachen an ze verstäerken. Ech mengen dass et dofir wichteg ass e puer Saachen ze soen. Et gëtt zwar 74 ONGen déi den Agrément hunn en matière de développement - dat sinn der vill -, mä et kann een d'Leit net dozou zwénge sech zesummenzedoen. Heiansdo gëtt et jo am Zesummenhang mat den Accords cadre e Konsortium vun ONGen déi zesummeschaffen, och da wa se hir Aktivitéite gesonnert viruféieren.

Wann ech feststellen, dass d'ONGen 2001 eng Augmentatioun vun 42% hate par rapport zum Joer 2000, an dass d'Participatioun vum Stat un de Cofinanzementer vun den ONGe vun 1998 u praktesch doubléiert huet, dann ass dat sécherlech ze begréissen, mä dat gëtt mer anerersäits awer och ze denken, well ech mech froen, ob déi enorm Augmentatioun vun deene Montantë sech net vläicht explizéiert, natierlech engersäits iwwert déi nei Instrumenter Accord cadre an Donation globale - an ech stinn hannert där neier Approche -, mä och doduerjer, dass de Budget vun der Kooperatioun esou wäit an d'Luucht geet, dass d'Capacité d'absorption vum Ministère, dee ganz schlecht ausgestatt ass um Niveau vun de Suen, begrenzt ass, an dass dofir déi Evolutioun esou héich ass.

Ech ënnerstellen hei kengem iergendeppes, Här Minister. Ech menge just, dass Der gutt berode wiert mat mir op de Wee ze goen, fir ze kucken déi éischt Kooperatioun mat enger internationaler ONG ENDA am Senegal ze évaluéieren an eventuell déi éischt Resultater vun den Accords cadre, déi de Moment misste virleien, ze kucken, fir sécher ze sinn dass déi nei strategesch Instrumenter och an deem Sënn gebraucht gi wéi se vum Gesetz aus gemënzt waren.

Um Niveau vun den ONGe muss een natierlech och vum BAT schwätzen, deen dirigéiert gëtt vun engem Mann, dee ganz genau weess vu wat hie schwätzt. Dir wësst, ech hunn e formelle Problem mat der Tatsaach dass dee BAT do ugeschloss ass un de Cercle des ONG, well hien eigentlech keen Agrément huet. Mä wann um Fong - an um Fong stinn ech hannert den Aktivitéite vum BAT - dat an der Rei ass, da mengen ech just, dass et interessant wier ze kucken, ob et net formell e bessere Wee gëtt, fir net wann eng Kéier muer den Audit vun der Cour des Comptes oder vun iergendenger anerer Plaz kënnt, dat doten hannen erëmschléit, och wann et eng gutt Saach ass.

De BAT këmmert sech ëm d'Formatioun, d'Cycles de projet fir d'ONGen, Info et assistance concrète fir d'Opstellung vu Projeten an eng Banque de données vun Expären. Dat stellt sécherlech eng Verstäerkung an der Zesummenaarbecht mam Ministère duer oder vum BAT mat den ONGen. Jiddefalls ass et an der Praxis sécherlech esou, dass dat sech misst an enger besserer Qualitéit vun de Projeten an der Evaluatioun, an zwar vun der Identificatioun un, nidderschloen.

Da gëtt et och dee Service d'appui à l'éducation au développement et à l'information au développement, dee sécherlech ze begréissen ass an dee fantastesch Initiative geholl huet: e Court métrage, e Stage iwwert en Entwécklungsland, eng Informatioun iwwer Kulturen, d'Virbereedung op eng Rees an de Bénin mat Schüler aus engem Lycée aus dem Land; all déi Saachen, déi wierklech wichteg sinn am Intérêt vun der Sensibilisatioun vun de Leit zu Lëtzebuerg fir d'Enwécklungszesummenaarbecht. Zesumme mat deenen Argumenter ass et ze

begréissen, dass et eng Réunion annuelle gëtt, e Conseil vun den ONGen an eng Organisatioun vun enger Formatioun oder deux journées de la coopération.

Et wier just - an dat ass e perséinleche Begier - wichteg, dass och d'Parlament un déi Evénementer do kënnt associéiert ginn, andeem et géif mat Zäite gewuer ginn, wann déi Date sinn. Dat war d'lescht Kéier leider net de Fall an dofir war d'Parlament net allze gutt op där Journée de coopération vertrueden, wéi mer gesot ginn ass, wat awer reng mat Datumsfroen zesummegehaangen huet.

Ech kommen dann zu engem drëtte Punkt, deen déi leschte Kéier eng Prioritéit vum CAD war: Evaluatiounen. Mir wësse scho laang, dass mir zu Lëtzebuerg do relativ schwaach waren an et muss een appréciéieren, dass enorm Efforten um Niveau vun den Evaluatioune gemaach gi sinn. Et sinn Evaluatioune gemaach gi vu grousse Projete vun den ONGen. De Moment ass den Audit gemaach gi vun der Lux-Development, fonctionnel, finanziell an esou weider. Wat awer fir mech wichteg ass, dat ass dass de CAD 1998 geschwat huet vun Evaluation externe. An dat wat de Moment am Ministère stattfënnt, ass a mengen Aen nach ëmmer eng Evaluation interne.

Och déi Cellule d'évaluation, wann ech dat richteg verstanen hunn, ass en Expär dee vu baussen adjoignéiert gëtt, fir vun Ufank un déi Evaluatioun iwwert d'Identificatioun, d'Evolutioun an esou weider vun de Projeten ze maachen. Ech denke just dass et ganz wichteg wier, dass och am Ministère, wéi bei deenen aneren Acteure vun der Entwécklungszesummenaarbecht, en Audit externe gemaach géif ginn. Mir hunn d'ONGen, mir hu Projeten auditéiert, mir hunn d'Lux-Development auditéiert. Ech mengen et wier normal - besonnesch wann een d'Konklusioune kuckt, déi beim Audit vun der Lux-Development erauskomm sinn, an déi a mengen Aen drop schléisse loossen, dass d'Leit um Ministère net duer ginn -, fir wierklech déi politesch Verantwortung ze behale par rapport zu enger grousser Zuel vun Acteuren, a par ailleurs sinn ech iwwerzeegt dass een Audit, deen um Ministère selwer géif gemaach ginn, Méiglechkeete géif opmaache fir eng massiv Verstäerkung vum Personal um Ministère, fir eben déi politesch Direktioun vun den Affären op dësem Gebitt ze behalen.

Ech liese beispillsweis vun Audit-Evaluatioune vun engem Projet vu Lhasa, dee mer speziell um Häerz läit, an engem aneren aus dem Niger, dee mech grad esou interesséiert. Mech géif et wierklech interesséieren déi Resultater vun deenen Auditen do kënne gewuer ze ginn a se zesumme mat de Kolleegen aus der Chamber, déi drun interesséiert sinn, ze diskutéieren. Ech weess dass de Minister op ass fir all Diskussiounen an dass hien öfters Propositioune gemaach huet, déi leider net akzeptéiert gi sinn.

Dofir hunn ech folgend Propositioun un de President vun der Aussekommissioun, deen och zoustänneg ass fir d'Entwécklungszesummenaarbecht, dass hien den Ordre du jour vun der Kommissioun géif esou ausriichten, dass, wa Kooperationsfroen drop wieren, exklusiv nëmme Kooperationsfroen drop wieren. Dat géif et eis erlaben, dass do haaptsächlech déi Leit komme kéinten déi un där Matière interesséiert wieren an Zäit hätten, ouni dass all déi aner domadder opgehale wieren am Detail déi wichteg Décisiounen ze kucken, déi an der nächster Zäit wäerten ustoen a wou et wichteg wier dass d'Chamber do géif mat agebonne ginn. Ech denken zum Beispill un d'Konventioun mat der Lux-Development déi geännert gi soll. Ech kommen nach dorobber zréck. Ech muss mech elo e bësselchen tommelen.

Efforts appréciables sinn also gemaach ginn, net nëmmen um Niveau vun de Projeten, der Lux-Development an den ONGen, mä ech mengen dass et wierklech gutt wier wann d'Ressources humaines - an dat ass deen nächste Punkt, dee vum CAD ënnerstrach ginn ass - um Ministère missten erop goen. A fir eng scientifique Explicatioun vun dëser Augmentatioun ze kréien, mengen ech, wier en Audit vum Ministère ganz wichteg.

Ech war duerfir erstaunt, dass am Memorandum fir de CAD vum Ministère dra steet, dass de Ministère mengt, well d'Zuel vun den Acteuren op anere Plaze vun der Welt an d'Luucht gaangen ass, et net néideg wier d'Zuel vun de Leit um Siège eropzesetzen - esou hunn ech et jiddefalls verstanen. Wann dat sollt de Fall sinn, erklären ech op dësem Punkt en totalen Désaccord mam Ministère. Et ass an där Hinsicht wou ech denken, dass et wichteg ass dësen Audit ze maachen.

Ech nennen lech nach dräi Zuelen iwwert d'Ressources humaines. De Ministère huet - dat geet net ganz kloer aus dem Rapport ervir - menger Meenung no grosso modo 23 Leit, während Lux-Development nom Audit ongeféier 50 Leit huet. Coopéranten an Assimiléë si vu Lëtzebuerg aus um Terrain 110 Leit an Agents de coopération 16.

Ee Wuert zu deenen Agents de la coopération. Außer dem Statut, dee se elo iwwert de Règlement grand-ducal 2001 kritt hunn, si sechs Länner „begléckt" mat engem Agent de la coopération. Vun deene sechs Länner sinn dräi Zillänner derbäi, an ech fannen dass dat logesch an normal ass, an zwar de Cap-Vert, de Senegal an den Nicaragua. Ech hoffen, dass an Asien an deem Sënn eppes derbäi kënnt.

Ech halen drop fir hei ze ënnersträichen, dass verschidde Kriticken, déi an engem Rapport vum Här Berns ugeschwat gi sinn, a mengen Aen absolut net justifiéiert sinn. Et ass wichteg, dass d'Lëtzebuerger Kooperatioun, an zwar de Ministère an net nëmmen d'Lux-Development oder ONGe Koordinatiounsplazen hunn, besonnesch an deene Länner wou hir Hëllef sech soll konzentréieren, mä wou se sech leider a mengen Aen net genuch konzentréiert.

Dräi Agents de la coopération sinn a Länner, déi keng Zillänner sinn. Ech kann dat net akzeptéieren, Här Minister. Ech fannen et jiddefalls net gutt. Déi sinn a Brasilien, dem Ecuador an a Mexiko. Wéi Mexiko op dës Lëscht kënnt ass mer iwwregens e Rätsel. Et ass du moins en Illogisme an ech géif lech bieden, wann Der déi Leit wëllt bäibehalen, ze kucken, ob et méiglech wier déi ze konzentréieren an déi Länner, wou mer wierklech sollen eis Hëllef hin zentraliséieren.

Mir hunn dann nach Volontäre vun der UNO, fënnef GPOen a jeunes Experts 13, a mir hunn dann nach Stagiaires boursiers, an déi Bourse si geplangt mat eventuell fënnef Leit, an ech kommen dann op en Total vun 117.

Wann ech da kucken, dass vun 117 Acteure vun der Lëtzebuerger Kooperatioun, wou d'ONGen natierlech net mat dra sinn, der nëmmen 23 um Ministère sinn, da fannen ech dass dat eng Proportioun ass déi inakzeptabel ass, an dat ass, Här Minister, d'Argument firwat ech denken dass en Audit gutt wier, besonnesch wann den Organigramme op der Lux-Development fäerdeg ass, dee jo och an deem Audit hei suggéréiert gëtt, fir ze kucken ob net d'Agence d'exécution iwwerbesat ass par rapport zum Ministère an dass domadder am Fong riskéiert gëtt dass d'Politik, déi soll um Ministère gemaach ginn, net méi kann do gemaach ginn, well einfach numeresch dat net méi méiglech ass.

Wa mer wëssen dass d'Opdeelung vun den Tâchen tëschent dem Ministère a Lux-Development folgend ass: d'Identificatioun an d'Evaluatioun vun de Projeten um Ministère - dat ass d'politesch Verantwortung -, d'Formulatioun an d'Exekutioun vun de Projeten op der Lux-Development, da kann et net sinn dass, do wou d'politesch Verantwortung manner ass wéi d'Halschent vun de Beamten, déi zoustänneg si fir déi Politik ze maache wéi déi, déi se sollen ausféieren.

Zum Audit vun der Lux-Development e puer Wierder. Merci dass deen Audit gemaach ginn ass, deen hei gefrot ginn ass. Et stellt sech eraus, dass e wichteg ass.

D'Dezentralisatioun op der Lux-Development fannen ech gutt, verstinn ech awer relativ schlecht, wann ech gesinn dass elo a verschiddene Länner, wéi zum Beispill am Burkina Faso, d'Lux-Development zwee Leit huet, Lëtzebuerg am Fong vun Dakar aus soll koordinéiert ginn. An dann nach eng Kéier d'Fro, dass am Niger, eent vun den Zillänner an därselwechter Géigend, weder vun der Lux-Development nach vum Ministère, esou wäit wéi ech weeess, een do ass.

Déi Dezentralisatioun, Här Minister, misst a mengen Aen absolut koordinéiert ginn tëschent der Lux-Development an dem Ministère. Och wann ech et gutt fannen dass an deemselwechte Joer de Ministère engersäits zu Dakar an anerersäits um Cap-Vert eppes opgemaach huet, ass et relativ onlogesch wa gläichzäiteg relativ disparat an esouguer a Länner, déi net onbedéngt Zillänner sinn, d'Lux-Development Agencen opmécht. Dass mer eng Dezentralisatioun vun der Lux-Development och op Plazen hu wou keng Zillänner sinn, liicht mir perséinlech net an, mä Dir kënnt mer sécherlech eng Explikatioun dovunner ginn.

Et ass evident wat d'Avantagë si vun der Dezentralisatioun. Eng besser Connaissance vum Terrain, eng Supervisioun um Terrain, alles dat ass wichteg, mä de Risiko ass natierlech, dass de Siège d'Kontroll verléiert, a wann de Siège vun der Lux-Development d'Kontroll verléiert, da fäerten ech dass och de Ministère se verléiert. Dofir sinn ech der Meenung, dass an deem Audit, deen ech lech virschloen, misst besonnesch A geluecht ginn op d'Koordinatioun vun der Dezentralisatioun tëschent der Lux-Development an dem Ministère.

Den Auditeur interne an der Lux-Development ass ugeschwat ginn. Et ass entre-temps net méi contestéiert, dass dee soll déchargéiert gi vu fonctionnellen Aarbechten, fir dass en déi néideg Distanz huet a senger Approche als Auditeur interne, an ech denken dofir dass et muss an déi Richtung goen.

En anere wichtege Punkt, deen a mengen Aen dëse Rapport soulevéiert huet, ass net nëmmen dee vun der Rémunératioun, op deen ech nach wëll zréckkommen, mä dee vun der Tatsaach dass no der aktueller Konventioun vun der Lux-Development et méiglech ass, dass déi net nëmme fir de Ministère schafft, mä och fir aner Institutiounen, um nationalen oder internationale Plang.

D'KPMG huet expressis verbis gesot, dass si dat Kapitel net analyséiert huet. Si huet och expressis verbis gesot - an dat mécht mech e bësse stutzeg -, dass si nëmmen zu Lëtzebuerg um Siège gekuckt huet. Wat den Audit fonctionnel ubelaangt, ass dat natierlech eng Evidenz. Wat den Audit financier ubelaangt, ass dat fir mech relativ schwiereg nozevollzéien, well et natierlech net duergeet fir ze kucken, ob formal gesinn d'Rechnungen an der Rei sinn, mä formal gesinn och muss gekuckt ginn, ob déi Rechnungen, déi bezuelt gi sinn, justifiéiert waren.



Ech denken dofir, dass et ganz wichteg ass zesummen ze diskutéiere mat allen Acteure vun der Entwécklungszesummenaarbecht, wéi de Mode de rémunération vun der Lux-Development muss ausgesinn.

Et ass verwonnerlech, dass zum Prozentsaz vun 8% Saache facturéiert ginn op e Projet oder als Auditeur libre eventuell, wa Projete formuléiert ginn oder Pabeieren ausgeschafft ginn, oder Identifikatiouns- oder Kontrollmissioune gemaach ginn, déi net onbedéngt am Kader si vun engem Projet wou d'Lux-Development d'Exekutioun huet.

Et riskéiert mat deem aktuelle Fonctionnementssystem déiselwecht Saachen e puermol bezuelt ze ginn, a wat virun allem bei deem Prozentsaz net gutt ass, an d'KPMG seet dat och, dass d'Bezuelen op engem Prozentsaz kënnt eng Incitatioun si fir méiglechst deier Projete méiglechst séier ze exekutéieren, a méiglechst séier a méiglechst deier heescht net onbedéngt méiglechst bescht. Dofir sinn ech der Meenung, dass onbedéngt dee Modus do muss reviséiert ginn.

E Renforcement vum Rôle vum Ministère an der Indentifikatioun vun de Projeten hunn ech schonn ugeschwat, an et bleift mer am Fong geholl nëmmen nach zwee Wënsch auszedrécken als Konklusioun zu dëser Debatt, an zwar meng Motioun ofzeginn, déi freet dass och um Ministère, deen deen Eenzegen ass deen nach keen Audit huet, en Audit installéiert gëtt fir dat Personal, dat a mengen Aen net duergeet, besonnesch par rapport zu deenen aneren Acteuren, kann eropgesat ginn an dass par rapport zu deem neien Organigramme vun der Lux-Development kann de Corrolaire um Ministère geschafe ginn.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant l'augmentation constante de l'aide publique de développement;*

*- considérant que la charge de travail du Ministère des Affaires étrangères en matière de coopération au développement a considérablement augmenté ces dernières années;*

*- vu qu'une évaluation externe de Lux-Development est effectuée annuellement, ainsi qu'un audit administratif;*

*- vu, à cet égard, que tous les acteurs conventionnés avec le Ministère des Affaires étrangères dans le cadre de la politique de coopération luxembourgeoise sont concernés par la politique d'évaluation;*

*- considérant que des travaux préparatoires avaient déjà été entamés pour un audit organisationnel de la Direction compétente pour la politique de coopération au sein du Ministère des Affaires étrangères;*

*- soucieuse d'une efficacité optimale de l'organisation de ladite Direction, ainsi que de la qualité de son action;*

*invite le Gouvernement*

*- à élaborer un audit fonctionnel de la Direction de la coopération et de l'action humanitaire.*

*(s.) Lydie Err, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké.*

Doriwwer eraus hunn ech eng zweet Motioun, mä ech wëll se net ofginn, well ech sécher sinn dass de Minister, och en absence vum President vun der zoustänneger Kommissioun, mat op dee Wee wëllt goe fir d'Ordres du jour vun der Kommissioun esou ze halen, dass ee wichteg Froe wéi déi, déi elo ustinn, dat heescht den Examen vum CAD, d'Evaluatioune vu LASA, vum Niger, vun der ENDA, wat mech och besonnesch interesséiert, déi Konventioun mat der Lux-Development, déi usteet, déi nei Missiounen am Kader vun den AKP-Länner an ähnlech wichteg Froen, de Comité de suivi vun der Lux-Development an och de Comité d'évaluation interne vum Ministère kann diskutéieren, fir zesumme mat der Chamber ze probéieren op all deene wichtegen Décisiounen déi beschtméiglech Solutiounen erauszeschielen.

An deem Sënn, Här Minister, maachen ech lech Confiance, andeem dass ech weder eng Motioun nach eng Resolutioun abréngen, mä domadder rechnen dass Är Bereetschaft mat der Chamber ze diskutéieren och an Zukunft esou grouss ass, dass mer et fäerdeg bréngen all déi Saachen do am Kader vu bestehende Strukturen an deenen nächste Jore méi ze diskutéieren, wéi dat an deem leschte Joer de Fall war.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. Den Här Calmes huet d'Wuert.

M. Emile Calmes *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Drëtte gëtt et ëmmer méi schwéier der Diskussioun nach eppes Neies bäizebréngen. Ech versichen trotzdeem mäi Bescht ze maachen.

Déi aktuell international Situatioun weist eis, mengen ech, wéi se haut ass mat aller Däitlechkeet, datt d'Welt ëmmer méi zesummeréckt an datt eis Sécherheet, eise Wuelstand, eis Liewensqualitéit och enk mat deene vun deenen anere Länner zesummenhänkt. Den däitsche Bundespresident Johannes Rau huet am Zesummenhank mat den Attentater vum 11. September et op de Punkt bruecht, wéi e gesot huet: „Der beste Schutz gegen Terror, Gewalt und Krieg ist eine gerechte, internationale Ordnung". Vu datt ech net de leschte Riedner sinn, kann ech mer virstellen, datt duerno sech der nach méi intensiv mat deem Sujet befaassen.

Wie Fridde wëllt muss d'Entwécklung förderen. Zousätzlech Ustrengunge vun der Entwécklungspolitik si méi dréngend wéi jee, well déi aktuell wirtschaftlech Konsequenze vun den Attentater treffen am meeschten déi aarem Länner vun der Welt. Aarmutt ass awer och de beschten Nährbuedem, fir dee Sumpf vun Haass, Gewalt a Konflikter, wou d'Terroristen Unhänger fannen.

Dofir kann d'Entwécklungspolitik, wann och sécher keen Instrument fir déi direkt Bekämpfung vum Terrorismus, awer als Deel vun enger globaler Friddenssécherung e wichtege Beitrag zur Preventioun vum Terrorismus leeschten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an de leschte Joren huet sech den internationale Kontext geännert. Mir ginn eis ëmmer méi den Inégalitéiten op der Welt bewosst, déi déi sougenannte Mondialisatioun opgedeckt an och duergeluecht huet. Deen ëmmer méi grousse Gruef tëschent de Räichen an den Aarmen, tëschent deenen déi Zougank zum Wëssen hunn an deenen déi dësen Zougank refuséiert kréien, tëschent deenen déi Accès un den Internet hunn an deenen déi en net hunn, tëschent deenen déi sech Medikamenter leeschte kënnen an deenen déi dovunner privéiert bleiwen, tëschent deenen déi Drénkwaasser am Iwwerfloss hunn an deenen déi kee proppert Waasser hunn, tëschent deenen déi Accès zu den Energien hunn an deenen déi e bëssen energiegravéierend Pollutiounen ausgesat ginn.

Et kéint een dat bildlech emol duerstellen, datt, wann een d'Weltbevölkerung géif op en Duerf vun 100 Leit reduzéieren, da kritt een dat vläicht besser duergestallt wéi d'Situatioun op dëser Welt ass, selbstverständlech mat deene selwechte Proportioune wéi se bei der Weltbevölkerung sinn. Do fënnt een dann zum Beispill eraus, datt

mer op dëser Welt dann an deem Duerf vun 100 Leit zu 57 Asiate wieren. Do wieren nëmmen 21 Europäer dobäi. Et wiere 14 Amerikaner - Nord-, Zentral- a Südamerikaner - an 8 Afrikaner dobäi. Vun deenen 100 Leit wieren 52 Fraen, 48 Männer, 30 Wäisser, 70 Net-Wäisser. Et wieren och nëmmen 30 Chrëschten do a 70 Net-Chrëschten.

Schlëmm ass et, wann een higeet an et kuckt ee wéi d'Situatioun vun deenen 100 Leit ass. Da fënnt een eraus, dass sechs Persoune 60% vun allem Besëtz hätten an, wéi den Zoufall dat dann nach wéilt, kéimen déi sechs nach alleguerten aus de Vereenegte Staten. 80 Leit géifen a maroden Haiser liewen. 70 kéinten emol iwwerhaapt net liesen a schreiwen an d'Halschent vun deenen 100 Leit hätten net genuch ze iessen. Eng Persoun wier ëmmer amgaang ze stierwen an eng aner Persoun wier ëmmer amgaang op d'Welt ze kommen. Et wier ganz genau ee Computer an deem Duerf. Nëmme fir déi Chiffren ze nennen. Déi kënnen dat vläicht bildlech besser duerstelle vu wat mer hei schwätzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Lutte géint d'Aarmutt an eng nohalteg Entwécklung waren, sinn a bleiwen d'Haaptobjektiver vun der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik, baséiert op enger Approche vum Partenariat, duerch e permanenten Dialog an an engem mutuellë Respekt zwëschent alle concernéierte Parteien, sief et Lux-Development, déi national Agence, d'ONGen, awer och déi international Organisatiounen, wéi déi Europäesch Unioun, de PNUD, d'OMS oder awer och d'Unicef, ouni natierlech déi Partner an deene concernéierte Länner ze vergiessen, an deene mer schaffen.

D'Lëtzebuerger Kooperatioun huet natierlech - an dat ass längst bekannt - déi 0,7% erreecht. Domat hu mer dat Engagement, wat mer zu Rio agaange sinn, als eent vun deene wéinege Staten, respektéiert. Mir si souguer iwwert dat erausgaangen. Mir leien haut bei 0,84% a sinn um Wee vun deem 1%. Wann een emol kuckt wéi dat sech an deene leschte Joren entwéckelt huet, da fënnt een eraus, dass mer 1994 nach bei 0,34% luchen. Mir leien dann haut bei 0,84%, wat praktesch eng Verdräifachung ass vun der Lëtzebuerger Entwécklungshëllef. Vergläicht een dat dann emol mat deenen europäesche Länner, awer och anere Länner, da fënnt een eraus, dass mir do eng fulgurant Progressioun gemaach hunn.

D'Amerikaner, zum Beispill, sinn an deene leschte Joren zréckgaange fir op 0,1% vun hirem nationale Räichtum ze komme wat si an d'Entwécklungshëllef wëlle stiechen. D'Japaner an d'Engländer sinn och zréckgaangen op 0,28%. Eis däitsch Nopere stiechen 0,26% vum nationale Räichtum an d'Entwécklungshëllef, si sinn och zréckgaangen an deene leschte Joren. Frankräich, nodeem et déi Hëllef ginn huet, déi et an de Pays d'outre-mer ewech gezielt kritt huet, kënnt dann och nach op 0,38% an ass och wäit zréckgaangen, praktesch ëm d'Halschent.

Déi Länner, déi zougeluecht hunn, sinn déi nordesch Länner, wéi zum Beispill Norwegen, dat an deene leschten zéng Joren vun 0,8% op praktesch 1% eropgaangen ass, an Dänemark, wat scho virun zéng Joer 1% hat a sech dorops konnt halen. Lëtzebuerg ka sech also domat zu deene Länner zielen, déi am Spëtzepeloton vun deenen Engagementer sinn, déi se geholl hunn.

D'Lëtzebuerger Entwécklungspolitik gëtt aktivéiert - dat ass schonn e puermol hei gesot ginn - iwwert d'bilateral Kooperatioun, wou natierlech de Gros dovunner den Asaz an de Pays cibles ausmécht. Mä och d'Coopération multilatérale zielt fir eis, d'Aide humanitaire, d'Assistance technique, an iwwert de Finanzministère ginn d'Schelden dann nogelooss. Ech mengen, dass dat zum groussen Deel an deem Rapport do festgehalen ass. Do ka jiddfereen déi Chiffren noliesen.

Well haut awer net grad esou vill Chiffere genannt ginn, wëll ech drun erënneren, dass praktesch ee Véierel vun eiser ganzer Hëllef, déi an Infrastrukturen an a Sozialdéngschter ginn, an d'Educatioun ginn, praktesch 30% ginn a Gesondheetsprojeten a bal 12% ginn an d'Verbesserung vun de Waasserkonditiounen, just fir Iech ze soen dass d'Infrastrukturen 82% vun all deem ausmaachen. Mä och dat fënnt een alles am Rapport erëm. Ech mengen, d'Zil vun der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik ass a bleift d'Bekämpfung vun der Aarmutt, an dat iwwer en nohaltege Wee.

Datt awer ëmmer erëm versicht gëtt där Entwécklungspolitik, déi jo elo quantitativ héich ass an déi och diversifizéiert ass, méi Qualitéit zoukommen ze loossen, dat ass normal. Ech mengen d'Ausféierunge vum Minister sinn haaptsächlech an déi Richtung gaang. Dozou sollen extern Evaluatioune bäidroe fir d'Politik, déi an der Entwécklung gemaach gëtt, ofzeschätzen an ze évaluéieren a fir se esou och méi transparent ze gestalten. Dass dat onofhängeg gemaach gëtt, mengen ech, verleiht där ganzer Saach méi Transparenz.

Déi Audite brauchen awer net nëmme gemaach ze gi fir dass se gemaach ginn, mä virun allem soll een do Léieren draus zéien, fir d'Gestioun vun der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik doduerch méi effikass ze maachen. Et ginn net nëmmen extern Evaluatioune gemaach, mä och d'Cour des Comptes ënnersicht periodesch en Deel vun der Lëtzebuerger Kooperatioun an da ginn Audite gemaach. Een Audit, deen elo e puermol hei ugesprach ginn ass, ass dee vu Lux-Development. Dat ass en Audit, deen am Dialog mat de Leit, déi do schaffen, gemaach ginn ass an deen als But eng Verbesserung vun der Situatioun vun der Lux-Development huet. Virun allem soll dat awer an d'Ausaarbechtung vun där nächster Konventioun afléissen, déi jo den nächste Juni wäert ustoen.

Haaptpunkte sinn do dobäi selbstverständlech, dass en anere Rémunératiounsmodus soll zréckbehale ginn, fir dass dee Betrib esou méi effikass schaffe kann. En anere Gedanke war deen oder eng aner Propositioun war déi, dass Lux-Development méi dezentral schaffe soll. Mä och dat kann een alles an deem Audit liesen, dee mer zougestallt kritt hunn.

Wéi mer deen Audit an der zoustänneger Kommissioun vun den Affaires étrangères virgestallt kritt hunn, huet eise President, de Paul Helminger, op deen Drock opmierksam gemaach, deen awer op der Lux-Development läit, an deem Sënn dass d'europäesch Kommissioun der Lëtzebuerger Regierung eng Mise en demeure zoukomme gelooss huet wat d'Monopolsituatioun vun deem Betrib ugeet. De President huet a sech seng Ängschten do zum Ausdrock bruecht, dass een net soll op de Wee goe fir dee Betrib do ze vill an d'Rouagë vun den administrative Strukturen anzebannen, fir hir esou ganz einfach eng gréisstméiglech Autonomie a Flexibilitéit ze loossen.

Ech mengen, wann ee weess dass dee gréissten Deel vun der bilateraler Entwécklungshëllef vun dëser Firma gemaach gëtt, wat a sech eng S.A. ass, an doduerch d'Agence d'éxécution vun der Lëtzebuerger Regierung ass, da weess een dass an der Lux-Development och de Privatsecteur vertrueden ass. Ech weess elo net wéi d'Verhältnis genau ass, mä ech mengen dass de Lëtzebuerger Stat ëm déi 60% Aktionär an deem Betrib do ass. De Rescht ass a privaten Hänn.

Wéi gesot, opgrond vun europäesche Prémissen aus dem Wettbewerbsrecht liicht et engem an, dass den Afloss vum Stat op d'mannst an dëser Firma an Zukunft méi grouss muss sinn, op d'mannst huet dat no baussen esou ausgesinn. Et muss ee sech och der Tatsaach bewosst sinn, dass déi Firma eng wichteg Roll zwëschent der Regierung an dem Privatsecteur spillt an en onofhängege Pouvoir adjudicateur muss duerstellen. D'Diskussioun ass vun engem vu menge Virriedner hei opgeworf ginn, ob d'Lux-Development sech dann elo dem Lëtzebuerger Marché-publics-Gesetz muss ënnerleeën oder net? Do kann een hir nëmme bonne chance wënschen, wa se dat misst maachen. Perséinlech sinn ech net onbedéngt dovunner iwwerzeegt.

Ech hat d'Geleeënheet, wéi aner Kolleegen, mech vun der Effizienz an der Flexibilitéit vun där Firma um Terrain ze iwwerzeegen. Ech hat d'Chance eng Kéier op enger Rees am Nicaragua an am Salvador selwer dobäi ze sinn, wat jo Pays cibles sinn. Ech konnt mech do iwwerzeegen, dass déi Firma - wann een dat emol esou kann nennen -, d'Lëtzebuerger Agence Lux-Development, do ganz effizient Aarbecht gemaach huet. Ech mengen, dass se déi nëmme konnt maachen, well se flexibel schaffe kann.

Wann an Zukunft d'Emprise vum Stat noutgedrongen - well mer dat jo operluecht kréien - méi grouss muss ginn, da mengen ech soll awer den Afloss vum Stat sech och an Zukunft haaptsächlech op d'Entwécklungspolitik beschränken, op dat wat d'Ziler vun der Entwécklungspolitik sinn. Fir de Rescht, mengen ech, soll de Stat d'Operatiounen der Firma iwwerloossen a sech drop beschränken dës Operatiounen ze kontrolléieren, besonnesch a puncto finanzieller Transparenz an Effizienz um Terrain. Ech mengen, dass awer virun allem d'Dynamik vum Privatsecteur muss erhale bleiwen. Op déi Aart a Weis kann d'Flexibilitéit vu Lux-Development bestoe bleiwen.

An enger Welt, wou ëmmer méi Chaoslänner entstinn, mengen ech, ass et awer wichteg, dass mer als Stat, als Ministère vun der Kooperatioun, iwwer en Instrument verfügen, wou d'Regierung schnell an onbürokratesch kann agéieren, awer och ka reagéieren.

D'Situatioun an der sougenannter Drëtter Welt ass esou schlëmm, dass en allgemenge politesche Konsens ënnert de Parteien iwwert dëse Beitrag zur Entwécklungshëllef muss bestoen, an opgrond vun deenen Ausféierungen, déi vu menge Virriedner hei gemaach gi sinn, besteet dee jo och. Duerfir mengen ech soll eis Agence d'exécution, déi Lux-Development ass, eng relativ Onofhängegkeet hunn, wat am beschten doduerch dokumentéiert gëtt, dass d'Société civile am Verwaltungsrot vu Lux-Development vertrueden ass, einschliesslech de private Secteur.

All Schrëtt, déi méi wäit géife goen, géifen der gudder Saach vun eiser Entwécklungspolitik net déngen. Et muss ee sech jo och souwisou d'Fro stellen, ob Lux-Development, oder d'Tatsaach dass mer nëmmen ee Betrib hunn, deen d'Lëtzebuerger Entwécklungshëllef géréiert, iwwerhaapt géint d'Wettbewerbsbestëmmunge vun der Europäescher Unioun verstéisst, wann ee weess dass esou e Betrib, wat jo dann eng S.A. ass, nëmmen duerch d'Opträg vum Lëtzebuerger Stat awer ka liewen, an dass se ouni déi absolut net kéint existéieren. Ech weess net, ob et net ähnlech Fäll an Europa gëtt opgrond vun deenen ee kéint noweisen, dass mir eis awer do net an enger aussergewéinlecher Situatioun befannen.

Ech sinn net der Meenung, dass d'Lux-Development sech nëmmen op d'Zesummenaarbecht mam Kooperatiounsministère soll beschränken. Ech mengen de Finanzministère géréiert och en Deel vun der Lëtzebuerger Entwécklungshëllef a perséinlech gesinn hunn ech kee Problem domat, dass dës Gesellschaft och fir dee Ministère ka schaffen. Ech sinn der Meenung, dass d'Aufgabe vun der Lux-Development sech net nëmme mussen op d'Kooperatioun beschränken.

Ech mengen, iwwert de Protokoll vu Kyoto sinn eis aner Aufgaben operluecht ginn. Ech denken nëmmen un déi flexibel Mechanismen, wou jo all Land elo d'Méiglechkeet huet se ëmzesetzen. Ech kéint mer virstellen, dass och Lux-Development sech esou Aufgabe kéint unhuelen. Dat muss awer elo net ënnert dem Kooperatiounsministère gemaach ginn, ganz einfach well déi zwou Saache getrennt behandelt gi mussen an d'CDMe jo net däerfen der Kooperatioun zougerechent ginn. Dat schléisst awer net aus, dass déi Gesellschaft dofir ënnert engem anere Ministère dës Aufgab ka maachen. Mä doriwwer wäerte mer an Zukunft kënnen décidéieren oder diskutéieren an deem Gremium, dee mer gewëllt sinn am Kader vun der Kommissioun vun den Affaires étrangères ofzehalen.

Wéi gesot, duerch Qualitéit awer och duerch eng aner Approche stratégique, déi Programmes indicatifs de coopération sinn ugesprach a kommentéiert ginn. Et ass drop higewise ginn, dass solle Comités de partenariat agaange gi mat deene Länner wou ee muss schaffen, wou jo dann - dat hunn ech gelies - och Deputéierte solle mat erugezu ginn, fir do dann hire Beitrag kënnen ze leeschten. D'Aarbechte mat den ONGe solle virugefouert ginn iwwer Accords cadre, wat jo zu voller Zefriddenheet fonctionnéiert. Och déi technesch Assistance schéngt hiert dozou bäizedroen.

Ech menge just, dass de Secteur vun den ONGe dee gréisste Merci verdéngt, well dat jo awer haaptsächlech Leit sinn déi sech bénévole fir dës gutt Saach hei asetzen. Mä och do geschéie Pannen. A wann een haut de Quotidien opmécht, da gesäit een dass Pannen, déi viru Jore geschitt sinn, haut nach Welle schloen. Et ass schonn esou laang hier, mä de Minister hëlt herno gäre Stellung, mengen ech, zu deem Artikel, deen do am Quotidien steet.

De Cercle de coopération vun den ONGen huet och e Beitrag zur Diskussioun geliwwert. Ech mengen déi meescht vun deene Punkten, déi d'ONGen hei ugesprach hunn, si schonn undiskutéiert ginn an de Minister wäert och ganz sécher dorop äntwerten.

Et ass dann nach iwwert d'Dezentralisatioun an d'Dekonzentratioun geschwat ginn, grad wéi bei der Lux-Development, déi och dee Wee wëllt goen. De Ministère huet dee Wee schonn ageschloen, andeem dass hien 2001 zu Dakar esou eng Mission de la coopération opgemaach huet, déi fir déi Länner eben zoustänneg ass, fir déi Lëtzebuerg sech asetzt, wat d'Pays cibles sinn. Et ass beabsichtegt oder et gëtt dru geschafft, fir der deemnächst an Asien a respektiv och an Zentralamerika opzemaachen.

Wa mer iwwer Dezentralisatioun schwätzen, da kéinte mer u sech och nach iwwert d'Dezentralisatioun hei zu Lëtzebuerg schwätzen. Ee vu menge Virriedner ass schonn op dat Thema agaang. Zu Lëtzebuerg ass d'Entwécklungshëllef eng national Saach. Et sinn awer aner Acteuren déi dorunner bedeelegt sinn, an dat sinn d'ONGen. Mir hunn net vill aner Strukturen hei zu Lëtzebuerg. Trotzdeem hu mer awer d'Gemengen. Ech sinn der Meenung, dass d'Gemengen u sech an deem Szenario do feelen, an dass mer och, esou wéi dat an anere Länner de Fall ass, de Gemengen d'Méiglechkeet solle ginn Entwécklungshëllef ze maachen. Dass dat national koordinéiert gëtt, schéngt mer op der Hand ze leien, mä ech mengen et soll een d'Initiativ, déi eng Partie Gemengen awer wëllen huelen, net briechen.

Ech konnt wéini an enger Zeitung en Artikel liesen, wou d'Gemeng Beetebuerg enger ONG en décke Subsid zoukomme gelooss huet, fir Entwécklungspolitik ze maachen. Si huet déi Délibératioun vum Innenministère refuséiert. Et muss ee wëssen, dass d'Gemeng Beetebuerg - an et ass net d'Gemeng Beetebuerg eleng, et ass och d'Gemeng Préizerdaul a bestëmmt nach anerer, déi de Wee vun den ONGe gaange sinn - zesumme mat hire Bierger dat organiséiert hunn, well eben d'Entwécklungshëllef keng Mission obligatoire respektiv Mission facultative am Gemengegesetz ass a mer doduerch déi Hëllef, wa mer se direkt géife bedreiwe mat den Entwécklungsländer, wahrscheinlech net autoriséiert kriten.

Dofir si mer de Wee vun den ONGe gaang an dofir wëlle mir eise Beitrag den ONGen zoukomme loossen. Meng Gemeng huet zum Beispill décidéiert 0,5% vun hiren ordinäre Recetten der Entwécklungshëllef zoukommen ze loossen. Wa mer dat awer elo verwiert kréien, da froen ech mech awer, wéi dass mer eis mussen uleeë fir nach Entwécklungshëllef däerfen ze maachen. Ech mengen et soll een dat Thema an der Diskussioun ëm d'Kompetenzen zwëschent Stat a Gemengen awer uspriechen.

D'Fransouse si jo bestëmmt net dezentralistesch orientéiert - neierdéngs si se et elo méi, mä an der Vergaangenheet ware si dat ganz sécher net -, trotzdeem gi si hire Gemengen iwwer e Gesetz vun 1992 d'Méiglechkeet Entwécklungshëllef mat anere Gemengen ze maachen an dat Gesetz huet e volle Succès. Ech mengen et soll een déi Ressourcen awer och hei zu Lëtzebuerg ausschaffen. Ech sinn net der Meenung, wéi elo e Kolleeg hei virdru gesot huet, dass d'Lëtzebuerger Gemengen esou aarm sinn dass se keng Sue méi dofir hätten.

Ech mengen et gëtt hei ëmmer d'Sensibiliséierung ugesprach, wou ëmmer drop higewise gëtt dass déi net genuch gemaach gëtt, mä ech mengen de Wee iwwert d'Gemenge wier e weidere Moyen fir de Leit d'Kooperatioun an d'Entwécklungspolitik méi no ze bréngen. D'Gemenge schaffe jo no beim Bierger a kennen d'Leit all am Eenzelnen. D'Gemenge si verantwortlech fir d'Organisatioun vun de Schoulen an dat, mengen ech, ass awer och e Moyen fir bei deene Klengsten unzefänken, fir hinnen d'Iddi vun der Nohaltegkeet méi no ze bréngen.

Perséinlech sinn ech der Meenung, dass dat eng Mission facultative vun de Gemenge muss kënne sinn, a wa se dat elo net däerfe maachen, da muss doriwwer légiféréiert ginn. D'Gemenge mussen d'Méiglechkeet kréien dat do ze maachen.

En drëtte Punkt, deen an dem Minister sengen Ausféierunge gëschter ugesprach ginn ass, ass dee fir méi Koherenz an d'Entwécklungspolitik ze bréngen, virun allem um Niveau vun der Wirtschaftspolitik. Ech hunn awer an deem Pabeier vun den ONGe gelies, dass si der europäescher Kommissioun de Reproche maachen, dass se net transparent ass.

Et muss een awer soen, dass just d'Europäesch Unioun hei awer op d'mannst versicht aner Weeër ze goe wéi dat aner Länner maachen. Ech menge si wollt ni vum Wee ofgoen „Trade, not aid“, mä éischter „Trade and aid“. Den Accord de Cotonou weist jo awer ganz sécher dorop hin. An den Numm seet et jo,

dass Accords de partenariat économique méiglech sinn. De Minister huet dat och a sengen Ausféierungen hei ugesprach.

Bon, dat gesot wollt ech zum Schluss kommen, ouni awer opzehalen a Referenz op d'Waasser ze maachen. Mir sinn dëst Joer am internationale Joer vum Waasser. D'Waasser huet eng ganz grouss Wichtegkeet bei der Entwécklungshëllef. Net zulescht war et eng vun den Aktiounen, déi am Aktiounsplang zu Johannesburg zréckbehale ginn ass, wou op Drock oder op Initiativ vun den europäesche Länner, zu deene Lëtzebuerg jo awer och zielt, an den Aktiounsplang erastoe koum, dass bis 2015 d'Zuel vun de Leit, déi keen Accès zu propperem Waasser hunn, ëm d'Halschent reduzéiert gi soll.

D'Situatioun am Waasser ass net roseg. Knapp gesot kann ee behaapten, dass 1,1 Milliarde Leit keen Zougang zu propperem Waasser hunn. 2,5 Milliarden hu keng ordentlech Sanitärinstallatiounen. Och do wou d'Waasser ouni Limitë ka profitéiert ginn, sinn d'Waasserreserven duerch Verschmotzung a Manktum menacéiert. Schonn 2025 wäerten zwee Drëttel vun der Weltbevölkerung héchstwahrscheinlech a Länner liewe wou d'Waasser méi oder manner knapp wäert sinn. Hefteg national Konflikter ëm d'Waasserreserven hunn Ängschten ausgeléist, esou dass d'Waasserknappheet d'Ursaach vu Gewaltkonflikter kéint ginn.

De Secteur vum Waasser illustréiert gutt déi Froen, déi mat Hëllefsprogrammer verbonne sinn, sief et d'Plaz vun der Fra, d'Participatioun vun der Populatioun, d'bonne gouvernance, d'Verbesserung vun der Gesondheet, den Impakt vun der Entwécklung op d'Ëmwelt, d'Preventioun vu Konflikter, d'Entwécklung vum private Secteur, de Partenariat privé-public. D'Fro vum Waasser steet och am Mëttelpunkt vun Iddie wéi Demokratisatioun, Organisatioun vun der ziviler Gesellschaft, eng nohalteg Gestioun, d'Lutte géint d'Aarmutt.

Ech mengen, dass d'Waasserproblemer, mat deene mir konfrontéiert sinn oder ginn, net ëmmer Ursaach vu Spannunge musse sinn. Am Prinzip kéinte se och Katalysator si fir eng Zesummenaarbecht. Et muss ee sech bewosst ginn, dass zwee Drëttel vun de gréisste Flëss vun der Welt méi Staten duerchfléissen a méi wéi 300 Flëss vun der ganzer Welt maache souguer d'Grenz zwëschent den Natiounen aus. Hei gëtt et vill Méiglechkeeten zesummen ze schaffen. Et lafen do schonn eng Partie Projeten. D'Organisatioun vun der UNO ass amgaangen déi éischt Versioun vun engem Rapport iwwert d'Weltwaasserentwécklung ze maachen.

Am internationale Joer vum Drénkwaasser muss eis nach méi bewosst ginn, dass d'Waasser eng primordial Roll spillt fir eng nohalteg Entwécklung, fir d'Reduktioun vun der Aarmutt, fir de Fridden an d'Sécherheet, wat natierlech och Wierder si vun der allgemenger Lëtzebuerger Entwécklungspolitik.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, domat wier ech zum Schluss vu mengen Ausféierunge komm, ouni awer ze vergiessen och eis Ënnerstëtzung zu der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik zum Ausdrock ze bréngen, där déi bis elo gemaach ginn ass an där déi och an Zukunft, an do sinn ech mer sécher, grad esou gutt wäert gemaach ginn.

An deem Sënn soen ech Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mir hu mat groussem Intérêt dee ganz fouilléierten an détailléierte Rapport vun dem Här Minister vun der Kooperatioun verfollegt, an ech wëll nach eng Kéier dat bekräftege wat ech all Joer hei soen.

Mir si mat den Objektiver vun der Kooperatiounspolitik, déi d'Regierung féiert, d'accord. Mir sinn d'accord fir ze soen, dass Lëtzebuerg muss ee signifikanten Deel vu sengem Budget gebrauche fir an d'Entwécklungshëllef ze investéieren. Ech mengen, dass mat deem Taux vun 0,84% vum Produit national brut mer déi Limiten erreecht hunn, déi mer ons wënschen, souguer wann et nach e bësse méi héich wier. Bis 1% wier kee Problem. Mä et muss een och soen, fir dobaussen dat ervirzesträichen, wann een 100 Euro Akommes huet, dass een dann 0,84 Cents investéiert an d'Entwécklungshëllef, an d'Solidaritéit mat Drëttlänner, wat garantéiert keen excessive Chiffer ass. Mä et ass awer och wichteg, dass eng Relatioun muss bestoen tëschent den Evolutioune vun onsem nationale Räichtum an deem wat mer an d'Entwécklungshëllef stiechen. Déi Relatioun besteet iwwert d'Referenz zum Produit national brut.

Mä net ëmmer geet et ëm Suen, Här Minister, et geet och dorëms dass een an der Entwécklungshëllef kuckt fir déi Objektiver, déi ee sech ginn huet, déi richteg Resultater kritt. An et ass net ëmmer den héijen Invest, deen et mécht, mä ganz oft sinn et klenger Initiativen déi ganz vill Resultater bréngen, déi awer u sech net ganz vill kaschten.

Ech erënnere mech, wéi mer mat lech, Här Minister, a Südostasien waren, dass mer dunn eng Initiativ konnten analyséiere vun engem jonke Lëtzebuerger Coopérant, deen eng Banque agraire geschaffen hat, wou en de Leit, haaptsächlech am Agrarsecteur, wann iergendwéi eng wichteg Persoun am Haushalt krank ginn ass, esou dass den Agrarbetrib sech net konnt développéieren, eng Persoun zur Verfügung gestallt huet, oder en huet eng Kou oder en Hong, déi ausgefall waren, ersat. En huet deem Haushalt och méiglech gemaach iwwert eng Form, déi gëeegent war, dee Prêt ze rembourséieren. Et huet ee gesinn, dass esou Initiativen an der Bevölkerung ee ganz positiven Echo fonnt hunn. Hei war et garantéiert net op der Basis vu ganz grousse Mëttelen.

Wichteg ass et, dass een an d'Leit investéiert, déi um Terrain schaffen. Et ass essentiell, dass déi Leit, déi wëllen an deem Gebitt schaffen, déi gëeegent Formatioun hunn, dass se vun ons engagéiert ginn an een hinnen d'Méiglechkeet vun enger Carrière schaaft. Déi JPO, Junior professional officers, déi am Kader vun der UNO forméiert ginn, erfëllen déi Kritären. Ech wier frou, Här Minister, wann Der kéint op dee Wee goe fir ze rekrutéieren an ze kucken, dass eng etlech Lëtzebuerger op deem Gebitt hier Studië maachen, fir dass mer och vu Lëtzebuerger Säit aus eng etlech Leit kéinten encouragéiere fir an der Drëttweltaarbecht, an der Solidaritéit mat den Drëttweltlänner aktiv ze ginn. Et ass wichteg, dass mer do investéieren, awer net nëmme Leit engagéiere fir do eng kuerz Zäit ze schaffen, mä hinnen och Perspectives de carrière offréieren.

Een zweete Punkt, dee ganz vill Diskussiounen ervirbruecht huet, ass Lux-Development selwer. Deen Audit, dee gemaach ginn ass, war noutwendeg an ass och gutt. An ech si frou, Här Minister, wann Der an Ärer Interventioun sot: „De concert avec Lux-Development nous avons travaillé d'arrache-pied afin de mettre en oeuvre ces recommandations." Dat ass eng positiv Reaktioun vun Ärer Säit, déi mer wëlle mat ënnerstëtzen.

Nach muss ee sech d'Fro stellen, ob een net Lux-Development liicht reforméiert, och strukturell, fir sech an Aklang ze setze mat dem Gesetz iwwert d'Marchés publics. Et ass wichteg, dass een dat Gesetz respektéiert, net nëmme wéi et elo ass, mä wéi et soll reforméiert ginn - de Rapporteur zu deem Gesetz weess, dass mer amgaang sinn eng wichteg Reform ze diskutéieren -, mä dass och nach weider Reformen um europäeschen Niveau bevirstinn an dass ee muss kucke fir haut déi Dispositiounen eventuell nach an d'Gesetzgebung anzebréngen, déi noutwendeg sinn, dass déi Kooperatiounsaarbecht kann iwwert Bühn goen, am Aklang mat den europäeschen Direktiven a mat onser nationaler Gesetzgebung en matière vun de Marchés publics.

Et ass kloer, dass eng Gesellschaft privatrechtlecher Natur oder een Etablissement public - mir hu jo esou eng Gesellschaft privatrechtlecher Natur, déi méi wéi 50% Capitaux publics huet - dem Gesetz iwwert d'Marchés publics ënnerworf ass. Dolaanscht komme mer net, mä et heescht awer och, dass bis 50% dat net de Fall ass. Do misst also gekuckt ginn, ob een net kéint verschidden Ännerungen am Kapital virhuelen.

Dann ass et och esou, dass déi Gesetzgebung, déi zukünfteg op ons duerkënnt, verschidde Méiglechkeeten erbitt, wou de Recours op Marchés publics mat Accord cadre net noutwendeg ass, mä op där anerer Säit dass deen Ableck, wou aner Betriber wëllen an dee Marché mat erakommen, een hinnen natierlech och déi Méiglechkeet muss ginn. Do däerf et keng Diskriminéierunge ginn. Dofir vun onser Säit aus e strikt Anhale vun der Gesetzgebung iwwert d'Marchés publics, mä och déi néideg Dispositions légales virzegesinn, dass dat am Aklang steet mat där Aktivitéit déi mer gäre wëlle favoriséieren.

Dann, Här Minister, hutt Der an Ärer Interventioun vun enger grouss ugeluechter Campagne de sensibilisation geschwat iwwert déi ganz Aarbecht déi an dem Entwécklungswiese gemaach gëtt. Ech mengen, dat ass eng positiv Initiativ. Et soll informéiert ginn an et solle verschidde Connaissancen iwwert dat, wat um Terrain geschitt, der Bevölkerung matgedeelt ginn. Wou ech bësse meng Douten hunn, dat ass beim Punkt vun der Sensibiliséierungscampagne, deen dorop hinziilt fir d'Akzeptanz vun der Entwécklungspolitik an der Bevölkerung méi grouss ze maachen. Ech mengen, déi ass relativ grouss. A wann een op deem Wee méi aggressiv gëtt, da kéint et eventuell zu méi konterproduktive Reaktioune komme wéi et ass. Wat wichteg ass, dat ass dass d'Leit sech eppes kënne konkret drënner virstellen.

Virdrun huet de Kolleeg Calmes gesot, datt et wichteg ass datt een ënnerstëtzt, datt d'Gemengen heiansdo Relatioune mat dëser oder mat där anerer ONG a mat där oder där Communautéit hierstellen. Da gëtt déi perséinlech Relatioun tëschent de Leit aus de Lëtzebuerger Gemengen an deene Leit aus enger Gemeng aus engem Pays du Tiers Monde hiergestallt, an dann ass och d'Akzeptanz vill méi grouss wéi wann dat Sue sinn, déi a grouss multinational Organismen erakommen, wou kee genau weess wat dann domadder geschitt a wou ee sech och net vill drënner virstelle kann.

Dann hunn ech ee Punkt, deen ech elo bal all Joer nach ugegraff hunn, an als Illustratioun wou ee ka relativ vill Akzeptanz an Informatiounspolitik bedreiwen, mat engem Intérêt un där ganzer Entwécklungspolitik, dat ass dee Salon du Chocolat. En huet sech lues a lues zu Lëtzebuerg agebiergert. E wor am Ufank relativ embryonnaire. D'lescht Joer wor en e bësse méi performant, mä mir sinn awer nach wäit ewech vun deem wat am Ausland op deem Gebitt gemaach gëtt. Ech wëll nuren op dee grousse Salon du Chocolat zu Bréissel oder zu Paräis hiweisen. An ech mengen, et muss ee kucke wat een tëschent där Relatioun mam Kakao ka maachen, deen aus der Drëtter Welt kënnt, mat där Aart a Weis wéi mir en hei verschaffen. Déi Relatioun ass wichteg an dofir geet et net nuren duer, datt een zwee Chocolatieren hei aus dem Land op esou Salone bréngt, mä datt een och kuckt datt Contributiounen aus dem Ausland kommen, wat e richtegen Evénement duerstellt, an et ass och wichteg datt ee kuckt, datt ee bei där Geleeënheet e gréisseren Accent leet op d'Aart a Weis wéi dat an deene Länner produzéiert gëtt, wéi een do kënnt eventuell als ONG oder als Land Entwécklungshëllef bedreiwen, fir datt et effikass gëtt. Ech mengen, dat ass eng konkret Illustratioun, wou een am Kader vun där Sensibiliséierungscampagne awer och esou Initiative sollt ënnerstëtzen.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Ech wëll drop hiweisen, datt e puer dausend Leit sech dee Sonndeg oder dee Weekend, wou dat wor, déplacéiert hunn.

Da soe mer ganz kloer, datt mer och d'Prioritéit gesinn an der Entwécklungshëllef op Säite vun der bilateraler Kooperatiounen. Ech mengen, et ass wichteg datt mer dat soen. Dat wëllt net heeschen, datt mer déi multilateral Kooperatioun sollen negligéieren, mä ech soe just nuren, et soll eng Prioritéit sinn, well d'Akzeptanz an d'Informatioun vun der Bevölkerung ass méi liicht ze realiséiere wann ee konkret ka weise wat ee gemaach huet, wéi wann ee seet, mir hunn d'Suen an iergendeen Organismus ginn, deen dëst oder dat gemaach huet.

Bei de bilaterale Kooperatioune gëtt och vill geschwat vu Kuba. Ech mengen, Här Minister, et wier gutt wa mer géingen e bësse méi intensiv mat deem Land zesummeschaffen, quitte datt ech e bësse Bedenken hu mat där Initiativ, déi een Ableck diskutéiert ginn ass, ob ee sollt si opfuerderen ons Dokteren zur Verfügung ze stellen, fir an Drëttweltlänner ze goen. Do muss ech éierlech soen, datt ech och domatter e bësse Schwieregkeeten hätt, d'autant plus well ee weess datt déiselwecht Regierung a verschiddene Länner, wou se schafft, och Guerillakricher oder soss Regierungen ënnerstëtzt, déi net onbedéngt dozou ugedoe sinn, datt een herno kënnt vläicht verschidde Verwiesselungen oder Mëssverständnisser opkomme loossen. Mä soss, iwwert de Prinzip, wier et awer och gutt, datt mat esou engem Land kënnten Initiative geholl ginn.

Ech muss och soen, datt de Finanzministère mat der belscher Regierung aus dem Finanzministère eng Initiativ geholl huet, déi ech perséinlech begréissen, an déi doranner bestanen huet fir de Produits agricoles manufacturés all Accisen ewech ze huelen, déi bis elo bestanen hunn. Dat huet hei zu Lëtzebuerg an an der Belsch e ganz positiven Echo fonnt.

Dann hutt Der vill geschwat, Här Minister, an Ärer Interventioun iwwert déi Problemer vum AIDS, déi sech speziell an Drëttweltlänner breetmaachen. Mä den Accent, deen een ëmmer mierkt, ass dee vun der Heelung, vun de Medikamenter. Ech mengen, et wier awer och wichteg wann d'Regierung all Initiative géing ënnerstëtzen, déi haaptsächlech d'Preventioun géinge virgesinn, well do schéngt mer den Haaptiwwel ze sinn. Ech weess, et ass méi liicht gesot wéi gemaach, mä nach wier et awer wichteg, datt een haaptsächlech an d'Preventioun vum AIDS géing investéieren, anstatt de gréissten Deel vun de Suen an d'Heelung ze investéieren.

Dann hutt Der geschwat vun enger Initiativ „tout sauf les armes", déi d'Exporter vun den Drëttweltlänner an Europa favoriséiert. Ech géing soen, Här Minister, et wier awer och richteg, wann Europa ënnert deem Slogan géing esou eng Initiativ huelen, „tout sauf les armes". Et sollen och keng Waffen an Drëttweltlänner exportéiert ginn, fir datt se deenen e Krich kënnen erlaben. An et gesäit ee jo zu wat dat féiert, wann den augenbléckleche Verteidegungsminister, den Här Rumsfeld, wéi en zu enger Zäit, wou en nach an enger grousser amerikanescher Gesellschaft geschafft huet, du Waffen an den Irak exportéiert huet, wou en haut muss higoen a kucke fir hinnen déi nees ewechzehuelen.

Dat ass dat wat geschitt ass an et gesäit een, datt dat ëmmer falsch Initiative sinn, wann een Entwécklungshëllef ënnert där Optik mécht. Do muss e Revirement kommen, grad wéi muss e Revirement kommen an der Subsidiepolitik am Agrarsecteur. Et kann net esou sinn, datt mir Produiten an Drëttweltlänner mat Subsiden exportéieren, déi déi direkt Agrarproduktioun an deene Länner futti maachen a se deen Ableck obligéiert, fir dann nees erëm hei an Europa hier Wueren zu Dumpingspräisser ze exportéieren. Do muss e mutuelle Respekt kommen. Do musse mer kucken, datt mer ons deem adaptéieren, well soss ass et déi falsch Entwécklungspolitik, déi mer do maachen.

Dann, Här Minister, wëll ech soen, datt mer mat Ären Initiativen d'accord sinn. Déi Politik, déi hei gemaach gëtt, fënnt eng ganz grouss Zoustëmmung op alle Bänken, dat schonn zënter Joren, och ënnert der virechter Regierung, a mir wollte soen, datt mer, sous réserve vun deenen Argumenter, déi Politik wëllen och nach an Zukunft ënnerstëtzen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den nächsten Orateur ass den Här Robert Garcia. Här Garcia, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ähnlech wéi déi jährlech Debatt iwwert d'Chancëgläichheet tëschent Fraen a Männer riskéiert och den Débat iwwert d'Chancëgläichheet tëschent Norden a Süden, tëschent Räich an Aarm, tëschent Macht an Ohnmacht zu engem lästege Ritual ze dégénéréieren. Dofir hätt ee sech gefreet, wann d'Deklaratioun vum Minister Goerens gëschter nei Elementer mat engem zousätzleche Globaliséierungs- oder Antiglobaliséierungspep bruecht hätt. Mä de Minister war virsichteg an huet geschwat hei an der Chamber, wéi wann e virun der grousser Kommissioun vum CAD vun der OECD misst en technesch korrekte Rapport ofleeën. An dee Rapport war och technesch korrekt, mä ob seng Deklaratioun och politically correct war interesséiert am Fong geholl kee Mënsch. Well wann de Motto heescht „Lutte contre la pauvreté", wien traut sech dann eppes Politesches dogéint ze halen.

Ech wëll trotzdeem haut keen technesche Beitrag leeschten, mä eng politesch Ried halen. Ech hätt se och léiwer am November gehalen, wéi dat üblech ass, oder vläicht e bësse méi spéit, well elo schwätze mer jo iwwert de Rapport vun 2001. Et hätt ee vläicht kënnen e bësse waarden, schonn den éischten Draft vum Rapport 2002 gesinn, d'Resultater vum CAD ofwaarden, wann, haaptsächlech, dat wat mir och gefrot hunn, iwwer Strategien am Hibléck op Cancun an der Nofolleg vu Johannesburg diskutéieren.

Bon, et ass elo geschitt an ech wëll meng Interventioun op dräi Sujete konzentréieren. Éischtens den ideologesche Charakter vun der Lutte contre la pauvreté weisen, zweetens d'Verdéngschter an d'Mängel vun der Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik, an drëttens Froe stellen iwwert d'Cohérance des politiques ronderëm d'Kooperatioun.

Zu der Lutte contre la pauvreté. Et ass natierlech méi einfach e Konsens ze fannen iwwert de Kampf géint eppes wat allgemeng als negativ verstane gëtt, wéi Konsens ze sichen iwwert e Kampf fir eppes wat ee selwer als positiv gesäit, mä anerer vläicht manner oder vläicht guer net. Ech wëll an deem Kontext vun der Lutte contre la pauvreté en Zitat vun engem US-amerikanesche President, allerdéngs net deem heitegen, virliesen, op däitsch: „Wir müssen mit einem neuen, mutigen Programm beginnen um die Vorteile unseres wissenschaftlichen und industriellen Fortschritts für Verbesserung und Wachstum der unterentwickelten Regionen zu nutzen. Mehr als die Hälfte der Weltbevölkerung liegt unter Bedingungen, die an Elend heranreichen, ihre Nahrung ist unzureichend, sie sind Opfer von Krankheiten, ihr Wirtschaftsleben ist primitiv und stagniert, ihre Armut ist Behinderung und Bedrohung sowohl für sie als auch für die reicheren Regionen. Erstmals in der Geschichte verfügt die Menschheit über das Wissen und die Fähigkeiten um das Leiden dieser Menschen zu lindern."

Dat Zitat ass vun engem aneren amerikanesche President, net vum Här Clinton oder vun aneren, mä aus dem Joer 1949 vum Harry Truman. Virun 53 Joer also, Här President, ass dat gesot ginn, dass d'Halschent vun der Bevölkerung an der Aarmutt géif liewen. Mir sinn also elo iergendwéi an der Case de départ vun 1950, trotz technneschem Fortschrëtt, trotz Moundlandungen, grénger Revolutioun, Entwécklungspolitik an Demokratie. An anere Wierder, back to basics, back to poverty elevation. Et kann een nëmme soe bravo, gutt geschafft, räich Industrielänner, gutt geschafft demokratesch Natiounen, gutt geschafft humanistesch, westlech Zivilisatioun.

An dofir muss een och kuerz am Kontext vun esou enger Debatt e puer historesch Réckblécker maachen, zum Beispill op d'historesch Evolutioun vun den Entwécklungkonzepter. Ech wëll net zréck goen op d'Kolonialepoche, mä vläicht am Gefolleg vum Truman senger Deklaratioun vun 1949 op d'Konzept vun der nohuelender Entwécklung, wou d'Illusioun geschürt ginn ass, mat e bëssen Efforten an Hëllef vun dem Norde kéint déi Drëtt Welt eng nachholend Entwécklung maachen. Dofir sinn an deene Jorzéngte sougenannte rise Projets Elephant-blancen dorueter gebaut a Regimer ënnerstëtzt ginn, wéi dem Hapouët-Boigny dee gesot huet: „Faites comme moi, enrichissez-vous", an et gesäit een haut zu wat, un der Côte d'Ivoire, esou eng Politik gefouert huet.

An de 60er Jore sinn dunn eng Rei vun autonomen Entwécklungsweeër opgezeechent ginn - Zitat: Julius Nyerere zu Carno, dee sougenannten drëtte Wee tësche Kapitalismus a Sozialismus - an eréischt 1992 koum dat berühmt Konzept vum „sustainable development", wat fir d'éischte Kéier d'Entwécklung vun den Drëttwelt-länner mat der Entwécklung vun den Industriestaten a Relatioun bruecht huet. An och wann um Gipfel vu Johannisburg 2002 dat Konzept nach eng Kéier bekräftegt gouf, gëtt awer haut méi iwwer „aid by trade" kombinéiert mat „lutte contre la pauvreté" geschwat, wéi iwwer „sustainable development", e Wuert wat och an der Ried vum Kooperatiounsminister gänzlech gefeelt huet.

Mir hunn also e Retour zur Aarmuttsbekämpfung. Deementspriechend ass och de Stand vun der internationaler Entwécklungsstrategie an engem Bilan vu 50 Joer. Mir hunn zwar am Bilan vu 50 Joer e puer erfollegräich Entwécklungsmodeller. Zum Beispill Südkorea, dat sech allerdéngs op eng staatlech Politik baséiert huet, oder Tawain, dat sech op eng Agrarreform baséiert huet, oder Staten, déi immens natierlech Ressourcë genotzt hu fir net nëmme Milliardären ze produzéieren, mä och sozial Systemer opzebauen, wéi a Libyen. Oder aner Länner déi vun dubiosen Aktivitéite wéi Tourismus profitéiert hunn an et trotzdeem geschafft hunn e minimalen Effort an der Sozialpolitik ze maachen, wéi zum Beispill Tunesien, wat och schonn hei zitéiert ginn ass.

Et ginn och aner erfollegräich Entwécklungsmodeller, erfollegräich allerdéngs nëmme fir eng Minoritéit vu Leit, 10 bis 20% vun der Bevölkerung, an désastréis fir d'Majoritéit vun der Bevölkerung. An d'Paradebeispill ass sécherlech eent vun de räichste Länner vun der Welt, nämlech Brasilien, wou un der Schwell vum 21. Jorhonnert muss e President higoen, an amplaz „sustainable development" op seng Fuendel ze schreiwen, muss soen, hie géif antrieden, dass den Honger null ass um Enn vu senger Amtsperiod.

Mir haten zwëschenduerch och eng Rei vun autonomen Entwécklungsweeër, déi op iergendeng Aart a Weis boykottéiert si ginn - Tanzania, Nicaragua - oder nach engem fierchterleche Boykott vu verschiddene Staten ënnerleien, wéi zum Beispill Kuba. An déi allergrouss Majoritéit vun der Drëtter Welt, wann ee ganz streng Kritäre géif uwenden, misst een als déi sougenannte Schurkenstaten, am Sënn vun der Demokratie, an als Ausbeutungslager, am Sënn vum soziale Clivage, bezeechnen.

Deementspriechend der Bilanz vun der Entwécklungspolitik säit 50 Joer ass och de Stand vun deem, wat ee kéint als Neopostimperialismus bezeechnen. Weiderhin, wéi schonn an de 70er Joren an an de 60er Joren, stinn ekonomesch Interessen am Vierdergrond, ekonomesch Interesse vun transnationale Konzerner a vun deene Mëttelmuechten, déi et nach ginn, bezéihungsweis déi et gäre wären. An et gëtt nach just eng richteg grouss Muecht an där hir Regierung kann ee scho bal karikatural als Prospektiounsbüro vun Uelechkonzerner bezeechnen, där hir Arméi ass ausgeriicht als Besatzungsmuecht vun Uelechfelder, am Afghanistan, am Irak, awer wahrscheinlech och a Kolumbien an am Sudan, där hire Geheimdéngscht tätegt sech als Saboteur vun opmüpfege Regimer, wéi am Venezuela, an där hir Aide alimentaire gëtt als trojanescht Päerd fir gentechnesch Landwirtschaft genotzt, Beispill Sambia, Simbabwe an Indien.

Une voix.- Très bien.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)*.- An déi Groussmuecht ass natierlech och keen immenst leuchtend Beispill fir Demokratie a bonne gouvernance. Wou e President zwar net mat 99,96% gewielt ginn ass, wéi an anere Länner, awer mat 47% vun de Wielenden, a mat 23% vun de Wahlberechtegten op de Wahllëschten, a vläicht nëmmen 20% vun deene Bierger, déi eigentlech am wahlfäegen Alter sinn. Esou e Land ass natierlech net grad outilléiert fir iergendwelleche Schurkenstate Lektiounen a bonne gouvernance an Demokratie ze ginn.

Une voix.- Très bien.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)*.- Dobäi brauch een net, Här President, mam Fanger op den Georges W. Bush ze weisen, well déi Grondtendenze si scho virdru virgezeechent ginn, an den USA an och an anere Länner. A virun allem an deenen, déi hir Ausgabe fir Entwécklungshëllef parallell mat deene vun hiren interne Sozialausgabe reduzéieren.

Une voix.- Très bien.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)*.- Zeng Grondtendenze wëll ech aus villen erausschielen.

1. An deene Länner ass eng Dereguléierung vum sozialen Netz festzestellen, fir d'éischt an den Industriestaten an dann an aneren, eng Veraarmung vun den ënneschte Mëttelschichten, Konzentratioun vun immensem Räichtum an Interessen un eng Minoritéit vu Superräichen an hire Legionären, besonnesch an den USA an an England, mä mat ähnlechen Tendenzen och an anere Länner.

2. Zerstéierung vun der Landwirtschaft an der Drëtter Welt, an domadder d'Liewensgrondlag vun der Majoritéit vun der Bevölkerung an deene Länner. Héich subventionéiert high-tech Agrarindustrie géint eng Subsistenzwirtschaft a géint potential regional Mäert via eng Handelsliberalisatioun.

3. Opweechung vun de staarke Services publics an den Industriestaten an an enger zweeter Phas och an der Drëtter Welt.

4. Upassung vu lokalen Ekonomien un de Weltmaart, via Strukturajustementer vum FMI, an oft zerstéierend grouss Projekter vun der Weltbank.

5. Beräicherung vun enger Minoritéit vun enger neier Handels- a Spekulatiounsbourgeoisie an der Drëtter Welt, bei gläichzäiteger Verelendung vun den Aarmen an de Stied an um Land.

6. Definitioun vu ville Forme vun Oplehnung als Terrorismus a Stigmatiséierung vu kulturellen Dissidenten als reaktionär Fundamentalisten.

7. Offiederung vu soziale Spannungen duerch d'Symptombekämpfung - et kënnt ee bal zynesch soen, dass eng Minoritéit vu sou genannten Accidentés de la modernisation kënne roueg Terroriste ginn, well Regierungen, déi innepolitesch erfolglos sinn, brauchen äusser Feindbilder, entweder am Irak oder am internationalen Terrorismus.

8. Déi immens Majoritéit vun den Aarme ginn da mat Programmer vu „lutte contre la pauvreté" kënschtlech um Liewe gehalen, kréie convivial Programmer vun internationalen Agencen an ONGen ugebueden, mat Pëtzen, Dispensairen, Biogazanlagen a back to basics Schoulinfrastrukturen.

9. A sollte sech déi Pëtzen, Dispensairen, Biogazanlagen a Schoulen a gewësse Regiounen als rentabel erweisen, da kënnt déi geballte Macht vun der WTO an den AJC-Sen a féiert se feierlech ënnert d'-Kontroll vun Exxon, Suez, Novartis a Sekteschoulen.

Une voix.- Très bien.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)*.- 10. A well d'Zuelen et jo beleeën, den Här Goerens sot dat nach selwer, datt ee mat 0,7% vum PIB d'Entwécklunspolitik vun allen Industrielänner net nëmmen d'Aarmutt kéint halbéieren, mä ganz éliminéieren. D'Entwécklunghëllef geet, global gesinn, säit der Zilsetzung vun 1972 dramatesch zréck. Sou wéi wann déi Industriestate virun ze vill Entwécklungshëllef Angscht hätten, well dat jo d'Konkurrenz aus dem Süde kéint stäerken.

Ech wëll en Zitat vum Wolfgang Sachs dozou soen, well dat genau déi Trennungslinn tësche räich an aarm charakteriséiert, déi net méi eleng tëschent Nord a Süd verleeft: „Tatsächlich verläuft in der Welt der Globalisierung die Trennlinie, wenn es eine solche denn gibt, nicht mehr zwischen nördlichen und südlichen Ländern, sondern zwischen der globalen Mittelschicht auf der einen und der ausgegrenzten sozialen Mehrheit auf der anderen Seite. Die globale Mittelschicht besteht aus der Mehrheit des Nordens, und kleineren oder größeren Eliten im Süden, und die Globalisierung beschleunigt und intensiviert die Integration dieser Schicht in den weltweiten Kreislauf von Gütern, Kommunikation und Reisen. Aber eine unsichtbare Grenze trennt in allen Nationen im Norden wie im Süden die Reichen von den Armen. Ganze Kategorien von Menschen im Norden, die Arbeitslosen, Alte und nicht Konkurrenzfähige, genau so wie ganze Regionen im Süden, etwa ländliche Zonen, Stammesgebiete und städtliche Siedlungen sehen sich ausgeschlossen von den Kreisläufen der Weltwirtschaft."

Här President, nom 11. September hu mir grouss Deklaratiounen héiere fir den Terrorismus bei der Wuerzel ze bekämpfen, d'Aarmutt auszerotten an domat dem Fundamentalismus den Nährboden ze entzéien. An der Realitéit ass genau de Géigendeel de Fall. Et gëtt méi Nährboden fir den Terrorismus, siehe Israel, siehe Irak. Et gëtt manner Entwécklungshëllef wéi jee. Et gëtt méi Tendenze fir de Gruef tëschent Räich an Aarm nach ze vergréisseren. Et kéint ee scho bal soen d'Entwécklunspolitik huet kapituléiert. De „sustainable development" bleift e Schlagwuert. Aarmuttsbekämpfung gëtt den Alibi vum globale Scheitere vun de leschte 50 Joer. En deprimante Constat also.

Glécklecherweis, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, bestätegen d'Ausnahmen déi Regelen, an dofir kommen ech elo zu engem e bësse méi erfreeleche Kapitel, nämlech der Exception luxembourgeoise, beziehungsweis dem Lëtzebuerger Kooperatiounsmodell.

De Lëtzebuerger Kooperatiounsmodell ass och net am Gefolleg vum Harry Truman entstan. Ech erënnere mech nach un dee weide Wee, deen hien huet misse maache vun der Rettungsaktioun fir d'Usine de Wecker 1986, dass se kéinten den equatorianeschen Urwald zerstéieren, fir kënnen eng Lëtzebuerger Entreprise ze retten. Wann d'Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik scho bal Modellcharakter huet, däerf een net vergiessen, dass dat net ëmmer esou war. Trotzdeem muss ee positiv ervirhiewen, dass säit 1986/1987 e Konsens besteet fir déi nei Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik.

Ech wëll just ganz kuerz, fir net ze vill Weihrauch hei ze verbreeden - dat ass jo scho geschitt -, e puer positiv Saachen ervirhiewen. Éischtens hu mir als ee vun deene wéinege Länner dat Zil vun 0,7% a relativ kuerzer Zäit erreecht, nodeem mer et 20 oder 25 Joer net gemaach hunn. Souguer déi Zilsetzung vun 1% ass net a Fro gestallt, zumindest de Moment, trotz den ekonomesche Problemer. An der Lëtzbuerger Kooperatiounspolitik stinn ekonomesch Interessen éischter am Hannergrond, wann een et vergläicht mat anere Länner.

Mir hu Secteurs prioritaires, déi een a priori muss als positiv ugesinn, wéi d'Educatioun, d'Santé an d'Waasser. Mir hunn eng raisonnabel Aufgabendeelung tëschent der Regierung an den ONGen. Mir hunn eng professionell Exekutioun duerch Lux-Development, déi am Verglach mat aneren Agencen am Ausland wierklech ganz gutt do steet. Mir hunn och eng vernünfteg Evolutioun vun den Entwécklungsstrategien, zum Beispill a Form vun de Programmes indicatifs de coopération.

Mir sinn och amgaang den Dispositif vun der Evaluatioun a vun den Auditen ze verstäerken, fir ze verhënneren dass Dysfonctionnementer opkommen. Mir hunn och e vernünfteg klengen Undeel vun Aide humanitaire vun ongeféier 10%. Mir hunn eng onglaublech aktiv Szen vun iwwer 70 ONGen a mir hunn eng breet Akzeptanz an der Bevölkerung fir d'Aktioune vun deenen ONGen.

Och d'Relatiounen tëschent der Regierung an den ONGe si global gesi gutt, 21,59 Milliounen Euro am Joer 2001 fir d'ONGen, wat 13,74% ausmécht, wat zwar Tendenz weist déi reduzéierend ass, do kommen ech nach drop ze schwätzen. Mir hunn och interessant Mechanisme wéi d'Accords cadre, déi zu enger Simplifikatioun vun den administrative Prozedure gefouert hunn. Mir hunn de Bureau d'assistance technique. Mir hunn d'Education au développement. Mir hunn d'Concertatioun tëschent der Regierung mam Cercle des ONG. Ech géif bilanzméisseg soen: Wann eis Regierung am Mäerz bei de CAD vun der OECD pilgert, da brauch se sécherlech kee PISA-Desaster ze fäerten. Ech géif éischter soen, dass Lëtzebuerg sech op eng entgéigegesate Positioun wéi am PISA-Audit vun der OECD wäert positionéieren.

Trotzdeem wëll ech awer op e puer Faiblessë vum Lëtzebuerger Kooperatiounsmodell ze schwätze kommen. Déi éischt dovunner ass d'Fro vun der politescher a philosophescher Koherenz. Mir zu Lëtzebuerg gesinn d'Kooperatiounspolitik - an dat huet dësen Débat och erëm eng Kéier gewisen - wéi eng Insel an engem stiermesche Mier, an iwwert d'Mier gëtt am léifsten net geschwat. A wann, da schwamme mer a schwammegen an an diplomatesche Floskelen.

Zum Beispill gëtt d'Globaliséierung zwar positiv gesinn, mä mat Atténuéierungsmechanismen. Mir schwätzen doriwwer e bësse wéi d'OMT, also d'Organisation mondiale du tourisme, an hirem Slogan „Liberalisation with a human face". A wann ech den Här Goerens däerf zitéieren aus sengem Rapport, esou ass dat e bëssen ähnlech: „Face à une mondialisation qui ne cesse de creuser des inégalités, de multiplier le nombre des exclus et des victimes de l'insécurité, la construction aussi d'une Europe sociale forte et la création d'organisations internationales plus démocratiques s'impose plus que jamais." Eng Ausso, déi selbstverständlech jiddferee kann ënnerschreiwen.

Allerdéngs erënnert mech esou eng Ausso e bëssen un dat wat de Premierminister eis hei en Dënschdeg zerwéiert huet. De Premier, dee sech zwar net géint Krich aussprécht, dofir awer sech méi friedliebend fillt wéi déi déi deklaréiere si wäre géint de Krich, well déi sinn a Wierklechkeet net esou géint de Krich wéi ee kéint mengen a scho guer net wéi hien, seng Regierung a seng Parteien a Wierklechkeet géint de Krich sinn, och wa se net mat op eng Friddensmanif ginn.

Beim Här Goerens ass et ähnlech. Den Här Goerens, dee sech zwar net géint déi offiziell Globaliséierung aussprécht, dofir sech méi globaliséierungskritesch fillt wéi déi déi deklaréiere si wäre géint d'Globaliséierung, well déi sinn a Wierklechkeet net esou géint d'Globaliséierung wéi een et kéint mengen, a scho guer net esou wéi hien, seng Regierung an hir Parteien et a Wierklechkeet sinn, och wa se net mat op de Forum social ginn.

Dofir geet hien awer mat der Globaliséierung ganz liberal ëm. Globaliséierung jo, awer net grad esou, total aneschters awer och net, an d'Globaliséierungsacteuren zu Davos si sympathesch an d'Globaliséierungsgéigner zu Porto Allegre si sympathesch. Ech denken heiansdo, et géif mech net wonnere wann am Kader vun der Sensibiliséierungscampagne vum Ministère géif en Antiglobaliséierungsfest um Knuedler organiséiert ginn, wou de Manuel Chao ka sangen a sämtlech Parteie géife Protestlid-

der „Tequila, sexo y marihuana“ sangen an zu engem Antiglobaliséierungsreggae schunkelen.

Plusieurs voix.- Très bien.

***(Hilarité)***

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Doropshi muss ech e Patt huelen.

Här President, eng Koherenz an der Approche vun der Entwécklungspolitik gewënnt een net doduerch, dass een alles interessant a relevant fënnt, mä duerch kloer Positiounen zu de Schlësselfroen an de Rahmebedingunge vun der Kooperatiounspolitik.

Mir hate Folgendes an engem Bréif vum 15. Januar un d'aussepolitesch Kommissioun gefrot. Éischtens dass den Débat iwwert d'Kooperatioun endlech soll stattfannen - dat ass jo elo geschitt -, zweetens dass bei deem Débat och iwwert d'Rahmebedingunge vun der Kooperatioun soll diskutéiert ginn an drëttens dass do virun allem de Minister soll Stellung huelen zur Positioun vun eisem Land am Hibléck op d'Konferenz vu Cancun. Véiertens an deem Kontext méi prezis iwwer eis Positioun zur Liberaliséierung vun de Servicer an, am Kader vun dësem Débat, vun de Servicer an den Entwécklungslänner ze ginn. Fënneftens dass d'Regierung och iwwer hir heroesch oder manner heroesch Gipfelstierm an de Gremie vun der Weltbank, dem internationale Währungsfonds an an anere Finanzinstitutioune berichte soll. A sechstens hat ech och nach an deem Bréif no enger Motioun gefrot iwwert de Kulturaccord mat Kuba, déi scho säit 1995 an der Chamber ronderëm geeschtert. Keng Angscht, ech brénge se net zum Vote, well soss géif se op eemol ofgeleent ginn an et géif awer eppes geschéien.

Leider, Här President, sinn nëmmen de Punkt eent an de sechs op den Ordre du jour vun där Kommissioun komm, an esou hu mir vergeblech drop gewaart, wat den Här Goerens zu der Lëtzebuerger Positioun an der Perspektiv Cancun géif soen oder zu der Geheimhaltungsstrategie vum Här Lamy oder zu deene Secteuren, déi am Kader vun der AGCS sollte liberaliséiert kënne ginn a wéi eng net. Mir hunn och geduecht, dass de Finanzminister, deen ech nach perséinlech ugeschwat hunn, géif heihinner kommen a soen, wat si als Finanzministerium virun de Gremie vun der Weltbank a vum IWF géife vertrieden. Dat ass net de Fall a mir hunn nach net doriwwer Bericht erstatt kritt.

Deen zweete Punkt, deen ech awer kuerz wëlll undiskutéieren, ass dee vun der inhaltlecher Koherenz vum Développement durable. Ech hat jo scho gesot, dass dat Wuert „lutte contre la pauvreté“ hei méi benotzt gëtt wéi dat Wuert „développement durable“, mä ech sinn awer der Meenung, wann een d'Kooperatiounspolitik lassléist vun anere Secteuren, dann ass se net méi wéi eng karitativ Almoseverdeelung.

Duerfir ass jo zu Rio de Begréff vum „sustainable development“ verdéift ginn, fir d'Interaktioun zwëschent den Entwécklungsmodeller an der Drëtter Welt an an den Industriestaten ze verdäitlechen. Zu Rio 1992 sinn och Mechanisme festgehale gi fir eng Participatioun vun de Forces vives an den eenzelne Länner a vun der Bevölkerung ze garantéieren. Säit iwwer zéng Joer huet Lëtzebuerg déi Rio-Engagementer op alle Fall net erfëllt.

Am Géigesaz zu deene meeschten anere Länner, wéi zum Beispill zu eise belschen Noperen, hu mir keng Strukture fir den Développement durable. Mir hu keng Organismen, déi souwuel d'Acteurs sociaux an économiques impliquéieren. Mir hu keng Strukturen, déi deeler an der Dynamik vum Développement durable engagéieren.

Mäi Kolleeg Camille Gira an ech hunn am Oktober hei eng Proposition de loi virgeluecht, wou mir ganz detailléiert Virschléi gi fir esou Mechanismen zéng Joer no Rio opzebauen. D'Regierung hat am Summer d'lescht Joer ugekënnegt si géif och esou e Projet déposéieren. Säit dräi Méint ass Funkstille. Ech hätt nawell gären e bësse méi Transparenz an Dialog an deene Fortschrëtter vun der Propos vun der Regierung, beziehungsweis vläicht eng kleng Reaktioun vun der Regierung op eis Propositioun.

Ech kommen nach zu zwou méi technesche Froen, déi mech awer och ganz staark beschäftegen. Eng ass déi vun der Limitatioun vun den ONGen. Zu Lëtzebuerg benefissiéieren d'ONGe vun engem extrem generéise Kofinanzementsmodell. A säit deem et den Accord cadre gëtt, si jo scho bal zwee Drëttel vun de Gelder iwwert en Accord cadre gaangen. Wann een dann zréckrechent, wäerte wahrscheinlech esou lues a lues d'Fonds propres op 20% zréckgoen. Elo stellt sech d'Fro, wéi een domat ëmgeet, well d'ONGen, an dat hu mir jo och an deem Bréif vum Cercle des ONG gelies, hätten natierlech gäre méi Moyenen, well se ëmmer méi Demandë kréie fir gutt Projeten an der Drëtter Welt.

D'Fro stellt sech elo: Soll een déi Part nach méi reduzéieren, op 10 oder 5%, oder soll een d'Eegeverantwortung vun der ONG stäerken, also hir et erlabe méi Fonds propres ze sammelen? Ech hunn elo keng fix Meenung dozou, well ech fannen et och gefëierlech, wann een herno 78 oder 76 ONGen hätt, vun deenen déi meescht nëmme méi eege Beiträg vu 5% leeschten. Dat kéint e bëssen zu enger Verstaatlechung vun den ONGe féieren. Anerersäits ass bei 76 ONGen d'Limite vun de Spendenaktiounen esou lues erreecht an ech hu mech gefrot, ob et net vläicht besser wär déi 400.000 Euro vun der Sensibiliséierungscampagne vun der Regierung ze investéiere fir d'ONGen ze stäerken, amplaz fir dat Onbehagen iwwert d'Akzeptanz vun hirer Politik wëllen aus dem Wee ze mäerzen.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Dir hutt awer selwer gefrot fir déi Informatiounscampagne ze kréien.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Ech kommen nach dorop ze schwätzen.

Ech komme kuerz zu engem weidere Problem, dee vun der Education au développement. Am Gesetz vun 1996 ass déi Education au développement jo just virun dem Vote vum Gesetz erausgeputscht ginn. Et sinn do Stëmmen haart ginn, déi gesot hunn, dat wär Propaganda fir politesch ONGen. Ech sinn awer der Meenung, dass grad d'Education au développement dee wichtegsten Aspekt ass, net an deem Sënn dass ee soll d'Kooperatiounspolitik bekannt maachen, mä dass een och soll an eng Richtung goen, wou ee kann eis Modes de développement, eis Modes de consommation, eis Modes de vie a Fro stellen. An dofir stellen ech mer d'Fro, wat déi Campagne, déi de Moment de Ministère amgaang ass ze maachen, eigentlech fir een Zweck erfëllt.

Et ass wichteg, dass ech déi Campagne an dräi Motiounen, déi ugeholl gi sinn, ëmmer erëm gefuerdert hunn, an eréischt no der véierter Kéier, wéi se ofgelehnt gi war, ass eppes geschitt, wou eigentlech ee sech och muss Froe stellen iwwert de Mechanismus vun de Motiounen an dësem Gebai, mä ech sinn der Meenung dass een net brauch déi Leit ze iwwerzeegen, déi souwisou net ze iwwerzeege sinn. Déi Leit, déi am Café de Commerce souwisou géint Sue fir Chômeure sinn, géint den RMG sinn, géint de SMIG sinn, géint Fraeförderprogrammer, déi sinn och net fir dat heiten ze iwwerzeegen.

Ech mengen, et geet éischter drëm fir etabléiert Zilgruppen ze erreechen, déi souwisou d'Kooperatiounspolitik d'emblée sympathesch fannen, fir déi vläicht an en Dialog anzebannen, fir dass ee ka weider iwwert den Affinement vun deem Konzept vun der Kooperatioun diskutéieren. Wann een dat net mécht, da kritt een esou bëssen den Effekt vum Här Goebbels senger Populationclock, déi hien hei opstelle gelooss hat, fir dass mir ëmmer erëm sollte staunen, wéi vill nei Leit pro Dag géifen op d'Welt kommen. Mä wat kann een dogéint maachen?

Mir kënne jo net dowéinst net manner Kanner maachen a mir kënnen och net deenen anere Leit soe maacht der manner. Dat huet also u sech iwwerhaapt keen Effekt. A wann een hei eng Campagne mécht, wou d'sanglots de l'homme blanc am Ministère kënne berouegt ginn, an dass se nuets kënne schlofen, well se am Café de Commerce keng Oppositioun méi kréien zu hirer Kooperatiounspolitik, da mengen ech net dass esou eng Campagne hiert Zil erreecht hätt.

Ech géif éischter mengen, et sollt een, ier een esou eng Campagne mécht, déi, wéi se och gemaach ass, op e puer Joer ausgeriicht ass, do d'Ziler besser definéieren. Wëllt ee vläicht hunn dass d'Leit méi solle fir ONGe spenden, well fir d'Regierung spende se souwisou jo iwwer hir Steieren; wëllt een dass d'Leit méi fair konsuméieren; wëllt een dass d'Leit méi durabel Liewensstiler sollen adoptéieren? Här President, wat wären eigentlech déi Zilsetzungen, déi ee fir esou eng Campagne misst an de Raum stellen?

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live
**Chamber TV**
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
**www.chd.lu**
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

Ech wollt eigentlech zum Schluss vun dësem Débat zwou oder dräi Motiounen deponéieren, zum Beispill zu der Augmentatioun vum Budget Education au développement, well ech der Meenung sinn dass dat misst geschéien; zum Beispill zu der Verfeinerung vun de Kofinanzéierungsmechanisme vun den ONGen, zum Beispill zu der gesetzlecher Verankerung vun de Strukture vum Développement durable. Ech maachen dat net, well mir hu jo erfuer dass et do zwou Méiglechkeete gëtt. Entweder ginn d'Motiounen ugeholl: Mir si frou, de Minister ass frou, an et geschitt näischt. Oder de Minister lehnt d'Motiounen of: Mir sinn traureg, hien ass traureg, an als Traueraarbecht mécht hien dann awer eppes, wou hien den Appui vun der Chamber deklaréiert, well am Rapport iwwert den CAD steet, déi Campagne wäert mat dem Appui vun der Chamber duerchgefouert ginn, dat heescht wann eng Motioun vun der Chamber refuséiert gëtt, dann heescht dat, dass en den Appui vun der Chamber huet. A Wierklechkeet kënnen natierlech esou Aktiounen net op breeder Basis foussen. Dofir hätte mir gären, amplaz eng nei Tragie-comédie ronderëm Motiounen, einfach e puer kloer Äntwerten zu de Froen, déi mir opgeworf hunn.

Et wär zum Beispill interessant ze wëssen, ob déi Kläranlag, déi Lëtzebuerg an dem Nicaragua finanzéiert huet, net a fënnef Joer vun der Suez des Eaux iwwerholl gëtt?

Ob déi Kanner, déi mat der Grande-Duchesse gepotert hunn, künfteg fir hiert Waasser an hiert Ofwaasser net mussen e groussen Deel vum Verdéngscht aus hiren een, zwee oder dräi Niewenjoben afferen?

Et wär och interessant ze wëssen, op de Projet ESTHER a fënnef oder zéng Joer net an d'Hänn vun enger medezinescher Multi iwwergeet a just nach räich Aidskranker dovunner kënne profitéieren?

Et wär weider interessant ze wëssen, ob d'Baueren vum Arrondissement vum Dosso am Niger och nach an Zukunft hir Somen däerfe séien, a net gentechnesche Schrott vun de Multinationalen opgezwonge kréien?

Här President, et wär nach interessant ze wëssen, ob d'Landbevölkerung vun der Provënz Namdin am Vietnam och an Zukunft hiert Drénkwaasser ka bezéien an, wéi et am Rapport esou schéin heescht, hir Participation à la définition de ses besoins en matière de développement et à la détermination des interventions garantéiert kréien?

Dozou, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, soll d'Lëtzebuerger Regierung och Stellung huelen, trotz a virun allem wéinst hirer erfollegräicher Entwécklungspolitik. Dat ass nämlech Cohérence des politiques an näischt aneschters.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci Här Garcia. D'Debatte sinn ofgeschloss. Et ass elo un der Regierung. Den Här Minister Goerens huet d'Wuert.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen un d'Enn vun enger Serie vun Diskussiounsbeiträg déi - an ech soen dat ouni iergendeng Ironie oder falscht Kompliment - eng vun deene Beschten ass, déi ech bis elo hei an der Chamber erlieft hunn.

Sämtlech Riedner hu sech wierklech beméit fir sech an de Fong vun der Problematik anzeschaffen. Dat ass keng Aarbecht, déi eréischt gëschter Owend ugefaange ginn ass nodeem meng Deklaratioun zur Verfügung stong, mä et ass effektiv de Versuch gestart ginn, an en ass och gréisstendeels gelongen, fir wierklech e fundamentale Beitrag ze leeschten zur Lëtzbuerger Kooperrationspolitik. Ech wollt och jiddferengem merci soen, vum Éischte bis zum Leschten, deen ech och appréciéieren, woubäi lescht keng Connotatioun där ee soll eng Interpretatioun dra leeën, déi ech net wëll, mä et soll ee just där eng chronologesch Connotatioun bäimiessen.

Villmols merci also fir déi vill Beiträg, déi kritesch an och selbstkritesch mat der Lëtzebuerger Kooperatiounpolitik sech ofginn. Ech mengen, amplaz dass ech op jiddferengem seng Froen aginn, wär et eventuell besser, ech géing ëm déi Problemkreesser d'Äntwerten dréine loossen, déi hei opgeworf gi sinn.

Éischtens, wat de Konsens ubelaangt iwwert d'Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik, ass gemengt ginn, ënner anerem vum Här Mosar, e wär zwar un der Spëtzt vum Stat, um Niveau vun der Regierung, de Chamberparteien acquis, mä e wär awer fragile. Ech mengen esou verstanen ze hunn, wéi wann en e bëssen erofgeet. Ech deelen dat, an et ass och aus deem Grond wou mer gemengt hunn, fir eng Sensibilisatiounscampagne ze maachen, déi effektiv geduecht ass fir d'Akzeptatioun vun der Entwécklungspolitik ze verbesseren. Et ass net dat eenzegt Zil, mä et ass eent vun den Ziler.

Ech hunn net gären - an ech mengen et ass keen heibannen deen dat wëllt -, wa Sportsinstallatioune géint Kultur ausgespillt ginn, wa Kliniken hei am Land géint Kliniken am Laos ausgespillt ginn, oder wa gemengt gëtt mat deene Suen, déi gebraucht gi fir e Kannerheem a Kolumbien ze finanzéieren, hätt een och kënnen hei zu Lëtzebuerg eppes maache fir déi handicapéiert Kanner. Et ass net dat eent oder dat anert, et ass dat eent an dat anert.

Dat ass zu Recht bemierkt ginn. Mir ginn 0,84% aus fir de Volet de solidarité externe ze maachen, wat vill ze vill kuerz gegraff ass, well d'Entwécklungspolitik huet net nëmmen eng finanziell a budgetär Komponent, mä et mussen awer doniewent och Sue bleiwe fir hei am Land Äntwerten ze ginn op déi Froen, déi sech stellen, notamment um soziale Plang, an déi Suen, déi dofir iwwreg bleiwen, dat sinn 99,16%. Mir sollen dat net vergiessen, an all Kéiers wa mer mengen, mir kënnten déi 0,84% iwwerfuerderen a mengen domat kënnt all Problem och hei geléist ginn, dat ass e bësse kuerz gegraff, an ech mengen, eng Sensibilisatiounscampagne soll jo och an hirer drëtter Phas op d'Koherenz vun de Politiken hindeiten, esou wéi mer dat geplangt hunn.

Déi éischte Phas war déi fir de Leit ze soen a wat fir enge Secteuren datt mir täteg sinn, an der zweeter Phas kënne mer méi konkret ginn an effektiv soe wat mer maachen, firwat datt et gemaach gëtt, an déi drëtt Phas ass eng wou ech och gären hätt, datt net nëmme just déi, déi sech begéinen op Kaffiskränzercher, wou Sue gesammelt gi fir ONGen ze finanzéieren a wou souwisou den Accord do ass, mä wou och déi, déi net domat d'accord sinn, sech kënne selwer artikuléieren a soen, mir si géint déi Entwécklungspolitik well, an da solle se hir Argumenter soen, an da sollen déi, déi fir d'Entwécklungspolitik sinn, och kënne soe firwat datt si anerer Meenung sinn. A mir mussen en Débat iwwert déi fundamental Froe kréien. Ech sinn der Meenung, dass et net gutt ass, wann dat net diskutéiert gëtt.

Wat d'Politique de concentration ubelaangt, zweete Schwéierpunkt, deen a bal allen Interventiounen erëm komm ass, mengen ech och kënnen der Meenung ze si vun deenen, déi dat hei ervirgestrach hunn, a besonnesch d'Madame Err, datt mer an der Tendenz mussen ëmmer méi op de Schwéierpunkt vun den öffentlechen Zouwendungen a Richtung Zillänner goen. Mir sinn dat och amgaang ze maachen. Ech si grad esou schlecht an der Lecture vun de Chiffere wéi si, an och an der Interpretatioun wéi si, mä wann awer deen nächste Rapport erauskënnt a mir presentéieren déi Chifferen an enger pluriannueller Perspektiv, da wäert Der erkennen, datt awer ganz kloer den Trend an déi Richtung geet. Do wäert Der ganz kloer erkennen, datt zum Beispill e Land wéi de Cap-Vert mat 33,5 Milliounen Euro iwwer véier Joer ganz kloer deem doten Zil entgéint kënnt an datt och de Senegal an alleguer déi aner Länner - mir hu bis elo mat néng Länner e Programme indicatif de coopération ofgeschloss -, datt do den Trend ganz kloer an d'Richtung geet vun der Konzentratioun, an dat wat Der iwwert de Burkina Faso gesot hutt, dat ass dëst Joer schonn opgrond vun deene leschte Chiffren, iwwert déi ech verfügen, scho laang iwwerholl. Dat Land kritt ongeféier 200 Milliounen där aler Frangen. Eppes méi wéi d'Halschent gëtt bilateral ofgewéckelt, an dat anert iwwert d'ONGen. Mir leien also do praktesch iwwert deem Dueble vun deene leschte Chifferen, déi net falsch waren, an déi Der hei beméit huet.

Nach eppes zu deene Länner, de Cap-Vert zum Beispill. De Cap-Vert ass e Land wat vu ganz ville Bailleurs de fonds am Moment boudéiert gëtt. Holland huet wëlles sech zréckzezéien. Bréissel huet säi Büro zougemaach um Cap-Vert. Aner Länner soen, well dat Land Fortschrëtter gemaach huet, wëlle mer do erausgoen. Mir sinn anerer Meenung. Ofgesinn dovunner, datt mer och iwwer eng relativ grouss Présence vun der Diaspora capverdienne hei zu Lëtzebuerg aner Relatioune mat deem Land hunn, si mer der Meenung, et soll een e Land net abandonnéiere vun deem Moment u wou et wierklech amgaang ass ze décolléieren. Et huet eng gutt Gouvernance, e Parlament wat fräi gewielt ass a wat eng Regierung kontrolléiert, et huet eng Justiz déi funktionéiert. Am Vergläich zu all deenen anere Länner, mat deene mir kooperéieren, steet dat Land do Kapp a Schëller à propos Gouvernance iwwer all deenen aneren. Awer d'CNUSET huet virun e puer Joer eng Etüd erausginn, déi iwwerschriwwen ass „Profil de vulnérabilité du Cap-Vert", an do ginn eng Partie strukturell Schwächen opgezeechent, déi duerch déi besser Konjunktur fir d'éischt maskéiert ginn. Dat ass de Grond firwat mer zum Beispill do bleiwen.

Namibien, solle mer bleiwen oder fortgoen? Dat ass d'Fro, an déi Fro ass berechtegt, an ech mengen d'Äntwert, déi d'Madame Err ginn huet, déi hu mir selwer scho ginn. Mir hu wëlles dat Land do unzehalen, well et keng Léisung ass wann ee fortgeet, well dat Land ass opgrond vu leschten Erkenntnisser wierklech an engem Negativtrend an all sengen Indicateuren. Dofir menge mer am Prinzip, ob et sech ëm Namibien handelt oder ëm de Salvador, deen an enger ähnlecher Situatioun ass, et soll een och d'Capacité redistributive an deem Land selwer erfaassen.

Wann e Land also am PIB wesentlech iwwert där Limite läit, déi mer nach géingen zréckbehale wa mer een neit Zilland géinge siche goen, da soll een dat Land unhalen, fir selwer u sengen eegene Projeten ëmmer méi ze participéieren. An do ass d'Limite a mengen Aen, déi ënnescht an déi iewescht, 50%. Mir musse progressiv esou wäit kommen, datt esouwuel de Salvador wéi och Namibien un hiren eegene Projete mat 50% participéieren. Dat ënnersträicht engersäits datt se selwer en Acte de foi maachen an déi Projeten, déi se mat eis an engem Partenariat zesummen identifizéieren, an anererséits spigelt dat och déi Kapasitéit erëm, déi sech aus hiren eegene wirtschaftleche Méiglechkeeten ergëtt.

Wat d'Présence um Terrain ubelaangt, wat och ganz enk zesummenhänkt mat deene Froen déi opgeworf gi sinn, ënner anerem vun der Madame Err, do wëll ech Folgendes soen: Konkret a prezis Äntwert op déi dräi Agents de la coopération, déi net an Zillänner schaffen. Een ass am Ecuador, do ass an den 90er Joren eng Missioun de coopération opgemaach ginn. Den Här Schegen, ëm deen et sech hei handelt, wéckelt do Programmer of. Do muss ech ganz kloer soen, wann et haut ze geschéien hätt, géif do keng Mission de coopération opgemaach ginn.

Wann een an enger Dynamik vun Entwécklung dran ass, och wann et eng punktuell ass, da kann een net vun haut op muer ophalen. Dat do ass awer eng Saach, déi à terme net verlängert gëtt, well déi Mission de coopération am Ecuador huet keen definitive Charakter.

Den Agent de la coopération oder d'Agente de la coopération a Mexiko schafft fir de CNUSIT, deen dem Finanzministère ënnersteet. Dat ass eng Madame, déi e Statut vum Agent de la Coopération virun e puer Joer kritt huet, déi mer just begéinen, wa mer d'Journée de la coopération hunn, well mer da sämtlech Agents de la coopération zesummeruffen, mä dat ass een atypesche Fall. Ech wëll dat just als Erklärung ginn. A wat den Agent de la coopération a Brasilien ubelaangt, dee wëlle mer, Madame Err, op de Cap-Vert transferéieren, well dat effektiv, esou wéi Dir dat gesot hutt, de bon sens même ass a well mer souwisou och der Meenung sinn, datt dat besser ass a méi dem Impératif vun enger Politique de concentration entsprécht.

Wat d'Bureaux de coopération ubelaangt, wëll ech Folgendes soen: An der Regierungserklärung stoung, datt mer wëllen eis e Réseau gi vu Missions de coopération, an zwar wollte mer an Afrika ufänken, am Vietnam virufueren an och an Zentralamerika eppes maachen. Déi Mission de coopération zu Dakar ass gemaach. Mir hunn eng intern Evaluatioun gemaach a mir mengen et wier gutt, well déi éischt Resultater si ganz villverspriechend. Et ass méiglech vill méi eng intensiv Presenz um Terrain ze markéieren.

Ech erënneren drun, datt d'Mission de coopération zu Dakar e regionale Charakter huet. Am Ufank war do e bësse grouss gesi ginn, well et war gemengt ginn, et kënnt ee vun Dakar aus fënnef Länner matenee betreien. Et ass einfach onméiglech fir dat vun Dakar aus ze maachen, well oft sinn d'Verbindungen tëschent Lëtzebuerg an dem Niger oder tëschent Lëtzebuerg a Burkina Faso méi einfach wéi vun Dakar an de Burkina Faso oder an de Niger ze kommen, mä wat awer ass, dat ass datt mer wëllen an all Land wéinegstens een Agent de coopération hunn, deen also dem Ministère ënnersteet an deen dann an enker Kollaboratioun mat der Mission de coopération zu Dakar schafft. Mir mengen, mir kréichen domat méi en héije Grad vu Koherenz an eiser Aktioun, well mer och do soss näischt maache wéi en allgemengen Trend befollegen, wéi ech dat och gëschter a menger Interventioun konnt soen.

D'Bréisseler Kommissioun versicht eenzel Aktivitéiten auszelagere vum Siège, also vu Bréissel, vun der Kommissioun. Holland mécht datselwecht. An Holland fonctionnéiert et folgendermoossen: D'Ambassaden hunn am Fong e Budget pro Land an déi maachen och d'Exekutioun op der Plaz. Et schéngt mer, wéi wann esou e Grad vun Dezentralisatioun fir Lëtzebuerg immens geféierlech wier à ce stade, ofgesinn dovun datt mer d'Leit net hätte fir dat esou ze maachen an datt sech och géinge kuerzfristeg ganz grouss Problemer stelle wat de Contrôle an d'Relatioune mat der Capitale ubelaangt.

Mä d'Mission de coopération zu Dakar ass e Kompromiss tëschent deem wat ustriewenswäert ass an tëschent deem wat mer eis kënne leeschten. Et schéngt mer wéi wann dat e ganz gudde Kompromiss wier, an déi vun der Chamber, déi schonn d'Geleeënheet hate fir dobäi ze sinn, déi hunn…

M. le Président.- Här Minister, d'Madame Err huet d'Wuert gefrot.

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Firwat, Här Minister, ass de Représentant vun Dakar net zoustänneg fir den Niger? Fir de Cap-Vert, dat liicht mir an, et ass jo en anere Koordinator op der Plaz, Distanz an esou weider, mä firwat ass den Niger ausgeklamert? Dat huet sech an alle Berichter erëm fonnt.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Mir mussen am Niger en Agent de la coopération kréien, well et ass einfach net méiglech fir fënnef Zillänner vun Dakar aus ze betreien. Dat ass franchement net méiglech.

Ech erënneren awer drun, dass am Niger e ganz grousse Büro vun der Lux-Development ass, deen eis Projete regelt. Mir hunn d'Mission de coopération vun Dakar opgemaach, just nodeem dass d'Suspensioun vum Accord de coopération mam Niger erëm opgehuewe ginn ass. Dir kennt jo d'Grënn, déi zu der Suspensioun vun deem Accord gefouert hunn, déi komm ass an der Suite vum Coup d'Etat militaire am Niger. Den Niger ass e Land - do deelen ech voll a ganz Är Appréciatioun - dat verdéngt dass et betreit gëtt, a mir wollten dat och maachen um Niveau vun engem Agent de la coopération. Mir kréie jo elo eng Partie Leit aus der Rei vun den Junior professional officers oder jeunes experts vun der Kommissioun, deenen hir Kontrakter auslafen. Mir kënnen eis do déi beschten erausselektionéiere fir dohinner ze schécken. Den Niger wäert doudsécher net eidel ausgoen.

Däerf ech och drun erënneren, dass d'Missioun vun der Lux-Development an déi vum Ministère des Affaires étrangères absolut net identesch sinn? Se si complémentaire, jiddfereng huet hir Plaz an der Gestion du cycle du projet. Den Zyklus vun engem Projet geet u mat der Identificatioun. Dat ass eng Mission éminemment politique, an déi mécht de Ministère, an déi huet keen aneren ze maachen. Da kënnt de Mandat de formulation. Dee stellt d'Regierung normalerweis der Lux-Development aus oder engem aneren Acteur, mä am Regelfall ass et d'Lux-Development. Wann d'Lux-Development dem Ministère de Mandat de formulation ofgëtt, da gëtt deen iwwerpréift. Wann d'Äntwert positiv drop ass, da kritt an der Regel d'Lux-Development den Optrag fir deen ze exekutéieren.

D'Lux-Development mécht also zwou Aktivitéiten, déi bewosst aus dem Ministère ausgelagert gi sinn, dat ass déi vun der Formulatioun an déi vun der Exekutioun vun de Projeten. Et kann net sinn - dat hu mir ëmmer erëm betount -, dass deen, deen d'Projete formuléiert an exekutéiert, se och identifiéiert. Déi zwou Funktioune musse séparéiert gi vuneneen, quitte dass een awer d'Lux-Development associéiert mat enger Mission d'identification, an dofir hu se jo och Kontakt mat deene Leit, déi de Ministère entweder periodesch oder regelméisseg um Terrain vertrieden. An dofir hu se Kontakte souwuel mat der Mission de coopération vun Dakar wéi och mat eise Missions d'identification, déi sech vum Ministère aus an d'Länner déplacéiere fir do ze identifiéieren.

Ronderëm déi ganz Problematik Lux-Development wollt ech Folgendes soen, éischtens wat den Audit

ubelaangt: Et ass effektiv eng Äntwert op eng Motioun vun der Chamber. Domat gëtt och den Här Garcia Lige gestrooft, dee seet dass de sécherste Moyen fir eppes duerchzekréien deen ass, dass d'Motioun ofgelehnt gëtt. Hei ass eng Motioun ugeholl ginn, et war déi vun der Madame Err, an Dir kënnt Iech erënneren dass vun hiren eegene Kolleege gesot ginn ass: „Du muss iergendeppes falsch gemaach hunn, well d'Motioune sinn alleguerten ugeholl ginn oder d'Motioune mussen net gutt sinn, well soss hätt d'Regierung se net ugeholl."

Dat just pour la petite histoire. Ech ka mech gutt erënnere wat deemools hei gesot ginn ass, mä toujours est-il dass mer deem dote Wonsch vun der Chamber ganz séier entgéint komm sinn. Dir hutt jo an der Commission des Affaires étrangères d'Méiglechkeet gehat doriwwer ze schwätzen. Menger Meenung no misst sech nach méi intensiv mat der Kooperatiounsproblematik befaasst ginn. Ech si bereet à tout moment an déi Kommissioun ze kommen an iwwert déi Aspecten, déi hei opgeworf goufen, ze schwätzen.

Den Audit muss eng Mise en oeuvre rapide erfueren. Et sinn eng Partie Hausaufgaben ausgedeelt ginn, déi intern an der Lux-Development selwer gemaach gi mussen. Anerer kënnen net neutral bleiwen op d'Relatiounen, déi de Ministère mat der Lux-Development huet. Deem versiche mir Rechnung ze droen am Kader vun der Revisioun vun der Konventioun, déi mir mat der Lux-Development maachen. Do sinn d'Aarbechte ganz wäit fortgeschratt.

Wat de Statut vun der Lux-Development ubelaangt, do ass och an engem Bréif, dee virun zwee Deeg schonn hei kommentéiert ginn ass an op deen ech net méi weider agoe wëll, behaapt gi mir géifen d'Lux-Development wëlle verstaatlechen. Mir si quasi forcéiert d'Lux-Development esou no wéi méiglech bei de Stat ze bréngen aus enger ganz einfacher Ursaach: De Kommissär Bolkestein, Responsabele fir de Marché unique, huet der Regierung eng Mise en demeure geschéckt, au motif dass de Stat der Lux-Development quasi eng Monopolstellung an den Opträg géing ginn, déi Bezuch hunn op d'Entwécklungspolitik.

Dat ass aus der Siicht vun deenen, déi nëmme just de Marché unique gesinn, richteg. Aus Grënn, déi am Haaptviséier d'Koherenz vum Marché unique gesinn, ass dat richteg. Et ass awer grad esou eng - erlaabt mer den Ausdrock - bornéiert Haltung, wéi wann een d'Koherenz vun der Kakaospolitik nëmme just aus der Siicht vum Marché unique gesäit. Da kënnt dat eraus, wat erauskomm ass nom Vote am Europaparlament. Mir kënnen awer net maache wéi wann et kee Marché unique géif ginn.

Mir hu mat der Kommissioun vu Bréissel négociéiert an et koum eraus, wa mer d'Lux-Development quasi als „in-house" betruechten, dass mir da kënne virufueren hinne praktesch de Monopol ze gewähre vun de Formulatioune vun eise Projeten a vun den Exekutiounen. Et kann awer och net anescht sinn! Mir kënnen net e Projet identifiéieren an da soen: Elo gi mer sämtlech Bureaux d'études hei am Land froe fir dat doten ze maachen. Wann een do keen Acteur huet, dee wierklech eng zolidd Experienz an Expertise huet, da geet ee mat deene Projeten do op d'Nues. Dat kann ech Iech garantéieren. Wat awer hannendrop muss gesot ginn, dat ass dass d'Lux-Development sech natierlech awer duerno, wa si de Projet formuléiert huet a wa si en exekutéiert, Partenairë siche geet. All Kéiers wann de Marché public ka spillen, gëtt en och spille gelooss.

Wat den Débat nach zousätzlech komplizéiert ass d'Tatsaach, dass, wann ee wëllt aus enger Aide liée erauskommen, ee muss versichen e Maximum vun Acteuren op der Plaz selwer ze siche wou d'Projete realiséiert ginn. Vu dass all Mënsch domat d'accord ass dass mir wëllen e ganz niddregen Taux d'aide liée hunn, ass et och net falsch dass d'Lux-Development d'Méiglechkeet kritt fir sech am Fall, wou e Projet am Senegal realiséiert gëtt, d'Acteuren an de Senegal sichen ze goen. Wann een dat doten also wëllt, da muss een och domat d'accord sinn, dass een um Niveau vum Aktionariat vun der Lux-Development eppes ännert - an dann ass et emol eng Kéier e Liberalen, deen anescht handelt wéi dat vun him erwaart gëtt -: Da gi mir eben eng Partie vun Aktien opkafen, fir dass den Här Bolkestein kann zefridde sinn.

Hien ass jo d'accord domat, dass mer eng Sociétéit hunn déi praktesch "in-house" betruecht gëtt. Firwat gëtt se awer net ganz verstaatlecht? Ebe grad well mer der Lux-Development wëllen déi Flexibilitéit loossen déi se braucht. Duerfir bleift se och virun als Société anonyme bestoen. Wann nëmmen nach eng eenzeg Part a Privathand ass, dann huet se dee Statut, well et musse jo zwee Aktionäre sinn. Si kann da virun an där Flexibilitéit, déi mer wënschen, schaffen. An engems ass se awer ganz no beim Stat an erfëllt déi Konditiounen, déi se der Perceptioun an dem Wonsch vun der Kommissioun vu Bréissel no muss hunn.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Wat d'Evaluatioun ubelaangt, ass Iech bestëmmt net entgaangen, dass mer op sechs verschiddenen Niveauen Evaluatioune maachen, also Bewäertunge vun der Politik oder vun den Acteuren déi an der Politik engagéiert sinn. Et war den Här Wohlfart, deen ugefaangen huet - an Dir sidd domat virugefuer, Madame Err - mat den Evaluatiounen iwwert d'ONGen, wat e richtege Wee ass an deen och konsequent weidergefouert gëtt. Haut wann eng ONG en Accord cadre kritt, da gëtt eng midterm Review gemaach, dat heescht ganz kloer en Audit iwwert dat wat se bis elo à mi-parcours vun der Exekutioun vun engem Programm gemaach huet. Dat gëtt da systematesch bewäert. D'Lux-Development huet z'joert en Audit gemaach kritt vun der KPMG. Bilateral ginn eng ganz Partie Projeten a Programmer bewäert. Dat war de Fall beim Artisanat am Niger. Dat war de Fall dee gëschter a menger Interventioun zur Sprooch komm ass, vun engem Projet de transfusion sanguine am Vietnam. Dat ass de Fall an der Alphabétisation fonctionnelle an der Région péri-urbaine vu Bamako. Do ass souguer en Evaluateur op der Plaz selwer gesicht ginn. Déi Evaluatioun ass virun zwee Joer op de Journées de la coopération presentéiert ginn. Da gëtt op engem drëtten Niveau d'Bewäertung vun der Politik gemaach, dat ass déi vun der Cour des Comptes.

Dat si Berichter déi sans complaisance sinn. Do ginn natierlech aner Aspecte gepréift, awer och Opportunitéitsaspecten. Do gëtt zum Beispill gepréift, ob déi Aktivitéiten, déi de Ministère mécht an déi déi verschidden Acteuren, déi dem Viséierfeld vun der Cour des Comptes ënnerleien, maachen, am Respekt vun de Gesetzer, vun de Reglementer, vun den Dispositions en vigueur sinn. Dat ass eng kontradiktoresch Prozedur an à la fin de la journée kritt Dir dat dann op den Dësch vun der Commission du contrôle budgétaire. Dat ass jo och d'Méiglechkeet fir de politesch Responsabelen eng Kéier, opgrond vun deenen Erkenntnisser, déi do erauskommen, duerch d'Millen ze kéieren.

Da gëtt et e fënneften Niveau op deem Evaluatioun gemaach gëtt, dat ass d'Peer Review vum CAD. De Comité d'aide au développement vun der OCDE mécht effektiv eng PISA-Studie. Déi ass de Mäerz. Déi Bewäertung soll mengem Wonsch no Objet gi vun enger Diskussioun heibannen.

Da gëtt et e sechsten Niveau op deem évaluéiert gëtt, dat ass deen hei an der Chamber. Dat ass dat wat mir haut amgaange sinn ze maachen an et ass dat wat all Dag geschitt um Niveau vun der Commission des affaires étrangères. Meng Mataarbechter an ech stinn Iech jiddefalls esou dacks wéi Dir et wëllt bereet. Ech wollt menge Mataarbechter nach eng Kéier villmools merci soe fir dee grousse Grad vu Koherenz, dee se där Politik do ginn hunn.

Jiddfereen, deen Ableck an dee Ministère huet, weess d'Politik vun deene Leit ze schätzen, an dat sinn der enorm vill déi ech bis elo kennegeléiert hunn an deem Ministère. Et ass och e Ministère an deem d'Leit ganz séier ausgetosch ginn, well der ganz vill an der Carrière vum Secrétaire de légation sinn. Eenzelner si schonn an enger Ambassade an do kënne se hir Experienz, déi se am Ministère gewonnen hunn, mat virun huelen. Och zu Genève zum Beispill - wann een dat wëllt - kann ee seng Expertise a seng Experienz afléisse loossen an d'Formulatioun vun der Politik um multilaterale Plang.

Da sinn eng Partie institutionnell Aspecten ugeschnidde ginn. Mir sinn eis wierklech eens, dass et eng ganz stupide a kuerzsichteg Décisioun war vum Conseil européen vu Sevilla, fir de Conseil vun de Ministeren au développement opzeginn. Mir sinn doduerch privéiert gi fir eis als Ministres de la coopération - Lauschtert elo gutt, Här Garcia! - viru Johannisburg ze concertéieren. Mir verléieren de Moment méi Zäit fir eis ënnert eis bilateral ze consultéieren an ze kucke wéini dann déi nächst Opportunitéit ass, wou mir eis kënnen zesummefannen a begéinen, fir kënnen Afloss ze huelen op d'Gestaltung vun der europäescher Entwécklungspolitik, wéi dass mer effektiv kënnen iwwert d'Substanz diskutéieren.

Et ass absolut kontraproduktiv wat geschitt, an déi Formule CAG-Relations extérieures ass am Fong ganz enttäuschend a ganz ernüchternd, well wann d'Punkte gesat sinn an d'Kommae geréckelt sinn am Coreper, da kommen d'Ministeren zesumme fir dann dat, wat net ënnert den A-Punkten Agang fënnt an d'Aarbecht vum Conseil, an de B-Punkten ze behandelen. Dat ass eng absolut frustrant Situatioun a mir hunn deem net tatenlos nogekuckt. Déi griichesch Présidence verdéngt e ganz grousse Merci dofir, dass si wéinstens erëm versicht - wat déi dänesch Présidence net gemaach huet - um Plang, au niveau informel de Ministres de la coopération d'Méiglechkeet ze ginn, awer Afloss ze gewannen op d'Gestaltung vun der Politik.

Den Här Garcia huet ganz vill iwwer Koherenz geschwat, iwwert d'Globalisatioun. Hien huet gemengt eng Partie Accorden auszemaachen, déi ech net contestéieren, an hien huet eng Partie Désaccorden ausgemaach, déi awer zu engem groussen Deel op Malentenduë berouen. Wann Dir esou aktiv géift deelhuelen un all deene Méiglechkeete vun deenen d'Sozialiste Gebrauch maachen, ob dat elo zum Beispill ass beim Consolidated Appeals Process oder bei der Journée de la coopération oder bei all deene Rendez-vousen - Dir hutt Invitatioune kritt, d'Chamber gëtt ëmmer invitéiert wa mer esou Rendez-vousen hunn -, dann hätt Dir wahrscheinlech gemierkt, dass schonn am Virfeld eng Partie Malentenduen hätte kënnen ewechgeraumt ginn.

Mä Är Ried war excellent, an ech wëll mech mat e puer Punkten auserneesetzen. Mir wëllen net iwwert déi Saache streide wou mir eis eens sinn. Mir sinn eis alleguerten eens, mengen ech, dass d'Globalisatioun a sech keen Allheilmittel ass. De Ministère huet a verschiddene Phase ganz courageiert Initiative geholl fir Afloss ze kréien op d'Gestaltung vun der Politik. Bei där leschter Visite vum Ausseminister vu Mali a bei där leschter Visite vum Ausseminister vum Burkina Faso ass profitéiert gi fir mat deene Leit ze schwätzen, fir Mëttel a Weeër ze fannen, dass deen nächste Conseil, den nächste Sommet vun de Chefs d'Etat et de Gouvernement vun der Union Européenne an Afrika net nëmmen eng Journée du beau langage bleift, mä dass effektiv versicht gëtt fir op déi Froen, déi Dir ugeschnitt hutt, Äntwerten ze fannen. Eng vun deene Froen ass de Commerce.

Wann Doha esou ëmgesat gëtt wéi et elo ass, ouni iergendeng Précautioun, wa Cotonou esou ëmgesat gëtt wéi et elo an den Texter steet, ouni iergendeng Précautioun, dann ass dat net d'Léisung fir eng Partie afrikanesch Länner. Ganz kloer! Et ass aus deem Grond wou de Ministère eng Etüd ënnerstëtzt, déi gemaach gëtt am Optrag vun de Länner, déi der Union économique et monétaire Ouest-Africaine ugehéieren. Et geet am Fong drëm d'Fro ze klären: Wat fir eng Politique agricole ass déi pertinentst, déi bescht fir déi dote Länner? Eng Politique agricole, déi haaptsächlech Exportproduite favoriséiert, déi Monokulturen implizéieren, déi eventuell e Recours op OGMen implizéieren, ass doudsécher net d'Äntwert, well se op Käschte vun der Culture vivrière geet, déi an deene Länner gebraucht gëtt fir d'Populatioun ze ernähren.

Wëssend dass an deene Länner 80 bis 90% vun de Leit Bauere sinn an dass et deene Baueren haut mat därselwechter Produktioun, mat där se nach virun 20, 30 Joer hir Familljen ernähre konnten - Familljen, déi deemools grad esou grouss ware wéi haut -, net méi méiglech ass dat ze maachen, da gesäit een dass et do iergendeen Dysfonctionnement gëtt. Den Dysfonctionnement besteet doranner, dass et Inégalitéite ginn op dräi Pläng. Den éischten ass um Plang vum Accès un aner Marchéen. Dee kann innerhalb vun der Union économique et monétaire Ouest-Africaine verbessert ginn, well een do Partenairë begéint, déi praktesch déiselwecht Produktivitéit hunn.

Wann een awer elo Partenairen en présence setzt an enger Konkurrenz, wou d'Ecarts de productivité vun 1 bis 500 variéieren, dann ass dat eng onfair Konkurrenz an dat kënne mir net toleréieren. A wann d'Texter, déi de Moment en vigueur sinn, keng Äntwert op déi Fro ginn, dann ass et der Politik hir verdammte Pflicht a Schëllegkeet fir drop hinzeweisen. Da mussen déi Texter ebe geännert ginn, nondikass! Eng zweet Ebene vun Incohérencen ergëtt sech aus de Schwieregkeeten, déi déi Länner hu fir un e Kredit ze kommen. Och do gëtt et ee ganz groussen Ecart. Wann hei am Land den Zënsfouss oder de Leitzëns 4,75% ass, a mir héieren dat, wat mir gëschter Owend héieren hunn, iwwert d'Ekonomie, da wäert natierlech den Drock fir méi niddreg Zënsen ze kréien ëmmer méi grouss ginn, wat en normale Reflex ass, well dat dann och eng Erliichterung gëtt fir u Kapital ze komme fir erëm ze investéieren.

Wësst Dir wéi héich den Zënsfouss ass an der Union économique et monétaire Ouest-Africaine? Deen ass 15%. Deen ass also dräimol méi héich. Also schonn eleng mat deenen doten zwou Inégalitéite kann een d'Länner net einfach esou der brutaler Konkurrenz vum Weltmaart zum Fraass dohinner geheien. Dat geet net. Dofir si mir do fir politesch Influencen ze exercéieren, an dofir si mir do fir politesch Impulser ze ginn. Ech hu bal d'Gefill, dass mir eis heiansdo doriwwer grad esou vill Gedanke maache wéi eis Partenairë sech der selwer maachen.

Dat wat mir hei gemaach hunn, an déi Etüd déi mir an dësem Zesummenhang finanzéieren, maache mir am Fong à la demande vun der Société civile. Et ass keen ondelikaten Exercice, well et muss een och den Autoritéiten, déi eis Partenairë sinn an déi eis Pendante sinn op der Plaz, erkläre firwat dass dat gutt ass. Mir versichen dat am Dialog hinzekréien, an déi Ambassadeuren, déi gëschter hei waren, hu mir jiddefalls gesot, dass si mat där doten Approche d'accord wären. Dat zum Deel als eng Äntwert op déi Fro, déi absolut berechtegt ass iwwer Cancun. Dat dote geet zum Deel an déi Richtung.

Eng aner Problematik, déi domadder zesummenhänkt, ass déi vun ESTHER. Ech hunn dem Här Henckes ganz gutt nogelauschtert. Hien huet Recht, wann hie seet dass d'Préventioun immens wichteg ass. No de bescheidenen Erkenntnisser vum Ministère a mat all deene Spezialiste mat deene mir geschafft hunn, gëtt gesot: Et ass net méiglech fir eng erfollegräich Préventioun ze maachen, wann net wéinstens eng Hoffnung besteet op Therapie.

Ech hu gëschter Owend op enger anerer Plaz gesot: Stellt Iech emol vir et géif hei zu Lëtzebuerg, well déi technesch Mëttelen do sinn, well d'Medikamenter en place sinn, well d'Kliniken do sinn, well d'Laboratoiren do sinn, déi d'Charge virale vum HIV am Blutt moosse kënnen, ee Lëtzebuerger Patient oder ee Patient, deen hei zu Lëtzebuerg wunnt, privéiert gi vum Accès un d'Antirétroviraux. Da géife Biergerinitiativen entstoen an et wär déi éischte Kéier wou ech mech selwer och géing un enger Biergerinitiativ bedeelegen, fir déi intenabel Situatioun ze stigmatiséieren.

De Bernard Kouchner schreift an engem Buch, wat rezent erauskomm ass: „Est-ce qu'on laisse crever les Africains au motif qu'ils sont noirs? Et un jour il y aura un Tribunal de Nuremberg sur la différence générale dans laquelle on inscrivait les Africains."

Also un där Schold, mengen ech, brauche mer eis net ze bedeelegen. An et ass aus deem Grond wou mer an den ESTHER-Projet era geklomme sinn. Ça devient rebondant, an ech fänke schonn un am Ministère jiddferengem op de Su ze goen, well ech all Dag iwwer ESTHER schwätzen. Mä et ass awer e Projet wou ee muss wëssen, wann ee sech eng Kéier dodran engagéiert huet, da kënnt een ni méi eraus, an et ass net iergendeen aneren dee sech doranner wäert substituéieren.

Mä wat mer versichen unzestriewen, ass Partenairen ze kréien déi hëllefen, déi Charge do mat eis ze deelen. Mir wäerten, wa mer um Régime de croisière sinn, am Rwanda 9.000 Patiente behandelen. Also 9.000 Patiente bei deenen den Aids ausgebrach ass an déi dann iwwert de Wee vun der Tri-Therapie kënne gehollef kréien.

Dat bedéngt au préalable eng Mise à niveau vun de Strukturen, eng Mise à disposition vun enger Equipe médicale, paramédicale, e Laborantin, en Apdikter, an dat do muss och kënnen iergendwann flächendeckend iwwerzu ginn. Den Drock vun der südafrikanescher Société civile huet et scho fäerdeg bruecht, datt d'Dynamik vun dem Réckgang vun de Präisser déclenchéiert ginn ass virun zwee Joer. Wat virun zwee Joer nach 1.000 Dollar kascht huet, ass elo fir manner wéi 100 Dollar accessibel.

Et fänkt een also un an eng Perspektiv ze komme wou et finanziell ëmmer méi tragbar gëtt fir d'Aidspatienten ze behandelen. D'Alternativ besteet doranner datt een an enger arroganter Haltung seet, dat wat mir hunn, brauchen déi aner net, an ech ënnerstellen Iech dat wierklech net, Här Henckes, mä et ass och do dat eent an dat anert. Well 30 Milliounen Aidskranker an

Afrika, wouvun 3 Millioune Kanner, dat ass eng Situatioun, déi ass intenabel. Dat do ass net CNN kompatibel, et interesséiert kee Schwäin, mä et ass awer e reelle Problem.

Ech mengen et muss ee virun de Médecins sans frontières an all deenen aneren ONGen, déi sech an deem doten Domaine investéieren, den Hutt ofzéien. An de Ministère wier schlecht berode wann hie sech dem Appel, deen de franséische Gesondheetsminister Kouchner virun e puer Joer gemaach huet, entzunn hätt.

Mir hu mat ganz vill Méi a Leit, a bis elo wéineg Erfolleg, versicht aner Acteuren drun ze kréien. Dofir, hate mer eng Visite zu Washington virgesinn an d'Amerikaner hunn en Intérêt gewisen, an an deem doten Zesummenhang, Här Henckes, hätte mer net drop verzicht fir kubanesch Dokteren anzestellen, wa mer keng rwandeesesch Doktere fonnt hätten. Mir ware virun där Situatioun, datt am Centre de Santé zu Rwanagana keen een Dokter méi war. Or, et kann ee keng Structure de santé fonctionnéieren dinn, wa keen Dokter do ass. Mir hu fir d'éischt versicht d'Dokteren op der Plaz ze fannen, duerno an der Diaspora rwandaise, mam Resultat datt mer elo kënnen tëschent Rwanagana an der Klinik Ettelbréck mol wéinstens d'Mise à niveau vun den Infrastrukturen an och vun den Equipes médicales ofschléissen.

D'Coopération décentralisée, ech mengen dat war den zweet leschte Punkt, mat de Gemengen. Mir sinn international an engem Trend vun Dezentralisatioun. Dat konkretiséiert sech andeems datt d'Acteure méi no op den Terrain ginn. Dat konkretisëiert sech awer och andeems datt een am Land selwer op méi Acteuren zréckgräift.

Dir sollt wëssen datt de Ministère des Affaires étrangères net un de Sue vun de Gemengen interesséiert ass. D'Gemengen hunn hir eegen Aufgaben ze finanzéieren, a wann eng Gemeng net investéiert an d'Kooperatioun, ass dat hir ureegenst Ugeleeënheet, an déi soll net vum Ministère dofir Reprochë gemaach kréien.

Et sinn awer Gemengen déi et wëlle maachen, a mir begréissen dat, a wëlle se och net drun hënneren. An déi Gemengen déi dat maachen, déi maachen dat net well se wëlle Sue lass ginn, mä déi maachen et well se wëllen an hirer Gemeng eng Dialogkultur entwéckelen iwwert d'Kooperatioun. Dat fannen ech och flott.

D'Gemeng Steesel zum Beispill huet eng Kommissioun iwwert d'Kooperatioun. Et ass menger Meenung no net déi eenzeg. Mä ech war eng Kéier do invitéiert an ech hu gesi wat do eng Qualitéit vun Dialog zesumme komm ass. Dat ass vill méi wäert wéi wa se elo, ech weess et net, 5 Milliounen aus hirem Budget géif eraus huelen, obschonn dat net négligeable ass. Mä dat wat wichteg ass, dat ass datt an deenen 118 Gemengen, déi mer hunn, do um lokale Plang kënne Gespréicher iwwert d'Kooperatioun gesot ginn, well d'Kooperatioun ass jo kee Selbstzweck a sech.

A wann een an där ganzer Sensibilisatiounscampagne, wou d'Gemenge kënnen e Rôle huelen, wa se nei Weeër wëlle goen, an deen dee mir am sympatheschste géif schéngen, dat wier datt ee kéint flächendeckend d'Iddi eriwwer bréngen, datt ee mat Approches malthusiennes a mat Maginotlinnen op deem dote Plang net weider kënnt.

Et ass eng falsch verstane Protectioun wann ee virgaukelt et géif ee méi aarm ginn, wann ee Suen eraus gëtt; och souguer an Zäite wou et wirtschaftlech méi schwiereg ass. Et ass een Trugschluss well et huet nach ni fonctionnéiert. Sou wéi déi, déi gemengt haten, d'Europäesch Unioun géif d'Baach erof goen, wann dräi méi aarm Länner era kéimen, nom Motto, eng räich Communautéit plus dräi aarm Länner gëtt eng aarm Communautéit, déi si Lige gestrooft ginn. An déi, déi getéint hunn, wa Portugal den Escudo opgëtt a si kréien den Euro, da gëtt den Euro eng Esperanto-Währung, déi hu missen nokucken, datt Portugal virun hinnen d'Critères de convergence vu Maastricht erfëllt huet; sou séier kann ee sech iren.

An esou geet et och mat dem nächsten Elargissement, an esou ass et och mat der Entwécklungshëllef. De Père Ceyrac ass a puer vu mengen Interventiounen mol beméit ginn, dee remarquabel Aarbecht an Indien gemaach huet. „Tout ce qui est donné n'est pas perdu", huet hie gesot, an ech mengen et kann een och domat nëmmen d'accord sinn.

Zum Schluss wollt ech op dat agoen, wat den Här Calmes ugeschnidden huet: «du discours à la réalité». Ech wollt do just Folgendes soen, dir kennt jo alleguer de Projet vun der Bergerie. D'Bergerie ass ee Projet deen an den 90er Jore gebuer ginn ass vu Leit, déi voller gudder Intentioune waren. Mä et geet net duer, datt ee voller gudder Intentiounen ass, och muss ee wëssen, datt een heiansdo mat engem Projet kann op d'Nues goen; dat ass der Bergerie geschitt.

An elo kann een d'ganz Welt dofir responsabel maachen, mä et soll ee virun allem mol de Feeler bei sech selwer sichen. Dat wat ënnert dem Här Wohlfart do zu Dag bruecht ginn ass - an hien ass absolut irreprochabel an deem wat hie gemaach huet, a besonnesch andeems datt en där ONG den Agreement ofgeholl huet -, dat war e Monument vun Inkompetenz. Duerfir ass d'Lëtzebuerger Entwécklungshëllef net do, fir Monumenter vun Inkompetenz opzeriichten.

Well de Sort vun de Kanner a vun de Stroossekanner, déi d'Bénéficiairë ware vun deem Projet, menge Virgänger net egal war, ass du gesot ginn, da musse mer en neie Partenaire fannen, deen de Projet iwwerhëlt. An dunn ass Pro Niños Pobres Lëtzebuerg mandatéiert ginn, fir do Léisungen ze fannen - an hire Partenaire dat ass Pro Niños Pobres Kolumbien - an déi hunn elo de Projet iwwert d'Distanz gerett. An et ass ganz kloer - a wann ech de Contraire géif behaapten, da géif ech am Fong ee vun de Grondprinzipie vun der Kooperatiounspolitik verroden -, mir mussen eis och orientéieren nom Prinzip vun der Appropriatioun vun de Projeten.

Wann e Projet fäerdeg ass, da muss een e kënnen dem Empfänger iwwerginn, an zwar definitiv, an da muss dee kënne fäerdeg ginn domat. Wann een eng Schoul baut, da bedéngt dat net nëmmen datt ee véier Maueren an en Dach opricht, da muss een och Schoulbänken hunn, et muss ee Mobilier hunn, et muss ee Professeren hunn, et muss ee Kanner hunn déi an d'Schoul ginn, an et muss een eng Kultur hunn déi de Schoulbesuch fördert, an déi déi an der Schoul si mussen och nach eng Notzung vun deem gesi wat se léieren, well soss verleeft dat op eemol erëm am Sand.

An esou ass et och heimadder. De kriddelechste Projet, dat ginn ech zou, ass dee wann een e Projet aus der Kooperatioun iwwergëtt un de Bénéficiaire. An de Bénéficiaire vun deem Projet hei, en l'occurrence Pro Niños Pobres Kolumbien, ass informéiert ginn iwwert de Maître Entringer an iwwert hire Lëtzebuerger Partenaire, datt et den 31. Dezember 2002 eriwwer ass. An ech kenne kee Projet deen esou ideal Startchancen huet wéi grad deen dote fir virun ze fueren. Well si kréien eng ganz Partie Immeublen, wat anerer, wa se e Projet iwwerhuelen, net ëmmer esou hunn.

An do wëll ech dann zum Schluss kommen. Här President, et ass ganz kloer datt mir eis mussen no deene Prinzipien orientéieren, déi mer eis ginn. De Lëtzebuerger Modell an de Lëtzebuerger Pragmatismus léisst net ëmmer déi Prinzipien an hirer Uwendung esou ganz kloer erkennbar ginn no baussen. Well wa mer eis hei vun Ufank un un eis Prinzipie gehalen hätten, an zwar ganz, dann hätte mer mol net dat gemaach wat mir bis elo gemaach hunn.

A wann dann e Partenaire gesot kritt, et ass den 31. Dezember 2002 eriwwer, soll en net maache wéi wann en dat net héieren hätt. Ech loossen dat einfach net gëllen. An et geet och net, datt ee fir d'éischt an de Palais geet an duerno bei den Affekot an duerno bei d'Press, an der Hoffnung datt de Ministère an d'Knéie geet. Mir sinn an engem Ministère deen heescht Ministère des Affaires étrangères, Département de la Coopération, an et ass net d'Haus vun der Erpressung. Mir si bereet, och ganz généréis a mat ganz vill Détermination, de Partenairen ze hëllefen, awer eis net fir Hännesse verkafen ze loossen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Huss wëllt eng Fro stellen.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här Minister, Dir hutt op eng ganz Rei vu Froe geäntwert, déi vu verschiddenen Deputéierten hei opgeworf gi sinn. Dir hutt awer op eppes vergiess anzegoen, dat ass wat mäi Kolleeg Robert Garcia gesot huet, iwwert d'Risike vun den Déngschtleeschtungen an de Länner vum Tiers Monde, wou jo elo dee berühmten Accord AGCS virun der Dier steet a wat ganz grouss Risiken, grad och fir d'Länner vum Tiers Monde, riskéiert ze beinhalten, an do hätt ech gären Är Meenung dozou.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*.- Effektiv hunn ech prezis net op déi do Fro geäntwert, mä indirekt an der Approche gëtt awer erkennbar, datt mer eis vum Prinzip vun der Egalité des chances leede loossen, sou wéi d'Europäesch Unioun laang Joren d'Préférence communautaire erëm ëmmer virgeschéckt huet, menge mer och, et misst een, well se ebe bei sech selwer wollt eng Partie Aktivitéiten, déi nach an enger vulnérabeler Phas waren, schützen, och hei de Länner an der Drëtter Welt d'Méiglechkeet gi fir sech selwer Kapassitéiten opzebauen a sech net vun aneren d'Evolutioun total dictéieren ze loossen.

Et ass an deem Geescht wou mir dorunner ginn. Déi Suggestiounen déi gemaach goufen an deem Zesummenhang huelen ech och mat virun un déi déi zoustänneg si fir de Commerce extérieur, an ech kann och der Chamber versécheren, datt mer an engem permanenten enken Dialog si mat deene verschiddenen Direktioune vum Ministère, ob dat d'Direction politique ass oder d'Direction Relations économiques extérieures. Déi Fro ass voll a ganz berechtegt a mir wäerten d'Suggestiounen och weiderleeden.

An et wier och vläicht interessant wann ee sech am Virfeld vun esou Rendez-vousë géif begéinen, wéi dat an d'Lëtzebuerger Pragmatismus léisst net ëmmer déi Prinzipien an hirer Uwendung esou ganz kloer erkennbar ginn no baussen. Well wa mer eis hei vun Ufank un un eis Prinzipie gehalen hätten, an zwar ganz, dann hätte mer mol net dat gemaach wat mir bis elo gemaach hunn.

A wann dann e Partenaire gesot kritt, et ass den 31. Dezember 2002 eriwwer, soll en net maache wéi wann en dat net héieren hätt. Ech loossen dat einfach net gëllen. An et geet och net, datt ee fir d'éischt an de Palais geet an duerno bei den Affekot an duerno bei d'Press, an der Hoffnung datt de Ministère an d'Knéie geet. Mir sinn an engem Ministère deen heescht Ministère des Affaires étrangères, Département de la Coopération, an et ass net d'Haus vun der Erpressung. Mir si bereet, och ganz généréis a mat ganz vill Détermination, de Partenairen ze hëllefen, awer eis net fir Hännesse verkafen ze loossen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Huss wëllt eng Fro stellen.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här Minister, Dir hutt op eng ganz Rei vu Froe geäntwert, déi vu verschiddenen Deputéierten hei opgeworf gi sinn. Dir hutt awer op eppes vergiess anzegoen, dat ass wat mäi Kolleeg Robert Garcia gesot huet, iwwert d'Risike vun den Déngschtleeschtungen an de Länner vum Tiers Monde, wou jo elo dee berühmten Accord AGCS virun der Dier steet a wat ganz grouss Risiken, grad och fir d'Länner vum Tiers Monde, riskéiert ze beinhalten, an do hätt ech gären Är Meenung dozou.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*.- Effektiv hunn ech prezis net op déi do Fro geäntwert, mä indirekt an der Approche gëtt awer erkennbar, datt mer eis vum Prinzip vun der Egalité des chances leede loossen, sou wéi d'Europäesch Unioun laang Joren d'Préférence communautaire erëm ëmmer virgeschéckt huet, menge mer och, et misst een, well se ebe bei sech selwer wollt eng Partie Aktivitéiten, déi nach an enger vulnérabeler Phas waren, schützen, och hei de Länner an der Drëtter Welt d'Méiglechkeet gi fir sech selwer Kapassitéiten opzebauen a sech net vun aneren d'Evolutioun total dictéieren ze loossen.

Et ass an deem Geescht wou mir dorunner ginn. Déi Suggestiounen déi gemaach goufen an deem Zesummenhang huelen ech och mat virun un déi déi zoustänneg si fir de Commerce extérieur, an ech kann och der Chamber versécheren, datt mer an engem permanenten enken Dialog si mat deene verschiddenen Direktioune vum Ministère, ob dat d'Direction politique ass oder d'Direction Relations économiques extérieures. Déi Fro ass voll a ganz berechtegt a mir wäerten d'Suggestiounen och weiderleeden.

An et wier och vläicht interessant wann ee sech am Virfeld vun esou Rendez-vousë géif begéinen, wéi dat an d'Gewunnechten iwwergaang ass, fir doriwwer ze schwätzen a versichen Afloss drop ze huelen.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Häre, domadder ass dee Punkt ofgeschloss a mir kéimen elo zum Vote vun där Motioun, déi d'Madame Lydie Err am Numm vun der sozialistescher Fraktioun abruecht huet. Déi Motioun hutt Der virun Iech leien, si ass explizéiert ginn, da kënne mer direkt ofstëmmen.

***(Interruption)***

Jo, den Här Minister Goerens huet d'Wuert nach eng Kéier.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*.- Här President, mir hunn am Budget e Kredit gestëmmt kritt fir Evaluatioun ze maachen. Dir wësst jo och datt mer 640 Milliounen där aler Frange manner am Budet hu wéi mer geplangt haten, obschonn datt mer méi hu wéi z'joert.

An ech muss mat deem Budget auskommen. Ech hunn déi Décisioun do ohne wenn und aber acceptéiert. Ech géif och der Madame Err soen, datt den Objet vun hirer Motioun schonn zum Deel erfëllt gëtt mat deem Examen, dee mer um Comité d'aide au développement ufanks Mäerz zu Paräis kréien.

Wann dann nach e Besoin bleift - déi Fro déi ech opwerfen ass pertinent -, da kann ee kucken ob een net d'nächst Joer an der Planung vum Budget den Audit fir d'Affaires étrangères virgesäit.

Dofir géif ech d'Chamber bieden, oder ech géif d'Madame Err bieden, hir Motioun zréck ze zéien.

Ech wëll net soe leent se of, well dat wier einfach en Désaccord hei manifestéiert, vis-à-vis vum Objet deen drasteet. Ech deelen d'Finalitéit, datt mer eis musse Gedanke maachen, wéi mer a puncto Ressources humaines do stinn. Mir sti scho besser do wéi mer do stoungen, mä et muss een och d'Aarbechtsgäng iwwerdenken. Ech sinn net dogéint fir eis deem doten Examen ze stellen.

Mä eng éischt Méiglechkeet fir dat dote schonn am Fong ze diskutéieren, ass de Comité d'aide au développement, deen ufanks Mäerz zu Paräis ass.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Lydie Err.

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Ech sinn domat d'accord, dass een deen Audit eventuell op d'nächst Joer ka verleeën. Ech denken, dass et awer och an där Perspektiv gutt wier, wann et dëst Joer géif gefrot ginn, fir dass et an d'Budgetsdiskussioune mat afléisst. D'Alternativ wier natierlech, datt ee beim Débat sur l'état de la Nation déiselwecht Motioun nach eng Kéier géif mat erabréngen, fir dass et an d'Planifikatioun vum Budget fir d'nächst Joer géif drakommen.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*.- D'accord.

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Wann dat en Accord ass, da brénge mer se an der Debatt erëm a mir ginn dann dovunner aus, datt Dir dann d'accord sidd, dass jiddferee se matstëmmt.

***(Hilarité et Brouhaha général)***

Ënnert där do Konditioun.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*.- No den Erkenntnisser, déi ech aus dem Comité d'aide au développement matbréngen.

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- D'accord. Ech zéie se zréck.

M. le Président.- Den Här Rippinger freet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, ech sinn d'accord datt mer et esou maachen ewéi den Här Minister et virschléit, mä ech ginn awer net mäin Accord elo scho fir eng Motioun, déi an e puer Méint nach eng Kéier kënnt well hei schreiwe mer e Präzedenzfall och mat anere Ministèren.

Une voix.- Très bien.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*.- Neen, et ass jo net esou. Ech hunn et esou verstanen, no den Erkenntnisser, déi mer vum Comité d'aide au développement hunn.

***(Interruption)***

Wou Dir an d'Bild gesat gitt, an da kucke mer ob dat do nach opportun ass.

Une voix.- Très bien.

***(Interruption)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Dat steet net dran, Här Goerens.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Also, d'Motioun ass zréckgezunn.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder si mer um Enn vun der Sitzung haut de Mueren ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtteg um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 12.24 heures)***

## Sommaire des séances publiques

4885 - Projet de loi électorale et portant modification

- de la loi du 31 octobre 1977 portant fusion des communes de Asselborn, Boevange/Clervaux, Hachiville et Oberwampach

- de la loi du 27 juillet 1978 portant fusion des communes de Arsdorf, Bigonville, Folschette et Perlé

- de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Harlange et Mecher

- de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Junglinster et de Rodenbourg pages 337-350
pages 353-362

Déclaration sur la Politique de Coopération et d'Action humanitaire présentée par M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire pages 350-353

Débat sur la Politique de Coopération et d'Action humanitaire pages 362- 373

**Chambre des Députés**

Compte rendu officiel

***Supplément commun aux quotidiens:***
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

***Contenu rédactionnel:***
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

***Conception, saisie de texte et mise en page:***
Polygraphic SA, Luxembourg

***Concept et coordination générale:***
media brain, agence en communication, Luxembourg

# QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

**COMPTE RENDU N° 9 / 2002-2003**

## Sommaire des questions parlementaires


| Question N° | Auteur | Objet |
|---|---|---|
| 1864 | Gusty Graas | Contraventions au code de la route à l'étranger |
| 1870A | Aly Jaerling | Modalités du paiement du complément de fin d'année |
| 1884 | Alex Bodry | Enseignement musical |
| 1890 | Laurent Mosar | Procédure de l'expulsion des délinquants étrangers |
| 1891 | Gusty Graas | Organisation des travaux d'entretien du réseau autoroutier |
| 1903 | Aly Jaerling | Accord bilatéral avec les Etats-Unis relatif à l'immunité des citoyens américains |
| 1904 | Emile Calmes | Abattage d'un chêne à l'entrée de Grosbous |
| 1905 | Camille Gira | Abattage d'un chêne à l'entrée de Grosbous |
| 1909 | Renée Wagener | European Values Study |
| 1919 | Robert Garcia | Répercussions psychologiques des retours forcés sur les enfants de réfugiés déboutés du droit d'asile |
| 1920 | Jean-Pierre Klein | Respect du statut général des fonctionnaires dans le cadre de la publication d'une brochure au Centre pénitentiaire |
| 1921 | Marc Zanussi | Agrandissement de l'école européenne |
| 1923 | Jean Colombera | Examens à effectuer en vue de la délivrance du certificat médical avant mariage |
| 1924 | Renée Wagener | Foyer pour personnes réfugiées "Don Bosco" |
| 1925 | Jean Colombera | Autorisation de mise sur le marché d'un médicament |
| 1926 | Jean Colombera | Circuits auto-pédestres |
| 1927 | Robert Mehlen | Dispositifs de sécurité supplémentaires des aéronefs du type Fokker |
| 1928 | Georges Wohlfart | Détection précoce du cancer de la prostate |
| 1929 | Jos Scheuer | Service ambulancier public |
| 1930 | Marc Zanussi | |
| | Mars Di Bartolomeo | Bon fonctionnement des services de l'asbl AMIPERAS |
| 1931 | Mars Di Bartolomeo | Information du public des changements législatifs au 1er janvier 2003 |
| 1933 | Mars Di Bartolomeo | Régression de la consommation interne |
| 1934 | Aly Jaerling | Achat d'un airbus A400M |


Question 1864 (16.10.2002) de M. Gusty Graas *(DP)* concernant les contraventions au code de la route à l'étranger:

Dans la réponse à ma question parlementaire N°1793 du 20 août dernier *(cf. compte rendu N°1/2002-2003)*, M. le Ministre de l'Intérieur m'a fait savoir que le Centre d'Intervention national (CIN) de la police identifie régulièrement pour compte des autorités belges les automobilistes luxembourgeois flashés en Belgique pour y avoir contrevenu aux règles du code de la route.

Dans ce contexte et conformément à l'article 75 de notre Règlement je souhaite poser la question parlementaire suivante à M. le Ministre délégué aux Communications:

- Est-ce que la légalité de cette forme de coopération entre services de police est donnée?

- Quels sont plus particulièrement les textes légaux qui autorisent la communication à des autorités étrangères de données nominatives concernant des résidents luxembourgeois?

- La pratique décrite est-elle compatible avec les dispositions de la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel ainsi qu'au secret informatique destiné à protéger les données nominatives enregistrées dans le fichier automobile?

- Dans la mesure où la pratique décrite serait conforme aux exigences légales, quelles sont les conditions dans lesquelles la communication à des autorités étrangères est permise?

- Quels sont en pratique les pays avec lesquels cette coopération est appliquée et dans quelle forme les intéressés sont-ils avertis de la communication à l'étranger de leurs données personnelles?

Réponse (24.1.2003) de M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications:*

- La légalité de la coopération entre autorités de police luxembourgeoise et belge en ce qui concerne l'échange d'informations relatif aux infractions du code de la route est donnée.

- La communication de données à caractère personnel aux infractions du code de la route aux autorités étrangères relève ou bien du Traité d'extradition et d'entraide judiciaire en matière pénale entre le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas approuvé par la loi du 26 février 1965 ou bien de la Convention européenne d'entraide judiciaire en matière pénale dont les contraventions rentrent dans le champ d'application desdits instruments juridiques.

Le règlement grand-ducal du 2 septembre 1993 autorisant la création et l'exploitation, pour le compte du Ministère des Transports, d'une banque de données relative au fichier des véhicules routiers, de leurs propriétaires et détenteurs, prévoit la communication, par accès direct, des données de la banque de données en question à la police, pour autant que ces données la concernent dans l'accomplissement de ses missions légales et réglementaires. C'est en conséquence à la police que les demandes d'entraide judiciaire sont transmises pour l'identification des propriétaires des véhicules en infraction et ce faisant les autorités judiciaires et les services de police ne font que se mouvoir dans l'exercice de leurs attributions et prérogatives de police judiciaire telles que déterminées par le code d'instruction criminelle.

Pour autant que l'échange de données s'effectue dans le cadre de la Convention d'application de l'Accord Schengen (entrée en vigueur le 26 mars 1995), celle-ci prévoit la coopération policière directe par voie d'échange d'informations. Sur base de ce principe, l'article 39 de la Convention d'application de l'Accord Schengen prévoit que la demande d'assistance doit transiter par un service central spécialement désigné pour cette opération, à savoir le Centre d'Intervention national en ce qui concerne le Luxembourg et le pays requérant doit indiquer les motifs de sa demande. Cette demande doit rentrer dans le champ des compétences de la police, au cas contraire (par exemple: les demandes qui relèvent de l'entraide judiciaire et non pas de la coopération policière) la police transmet la demande au parquet qui décide de la suite à lui donner. En application de l'article 39 paragraphe (1) de la Convention sus énoncée une liste d'actes qui peuvent relever de la coopération policière directe a été élaborée: y figure l'identification des détenteurs de véhicules (document SCH/I (98)75 rév.5). Les principes de coopération policière contenus dans ledit document ont été approuvés par décision du Comité exécutif du 27 avril 1999 (SCH/Com-ex. (99)18).

- Cette pratique est bien compatible avec la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel. En effet la directive 95/46/CE du Parlement européen et du Conseil du 24 octobre 1995 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données pose expressément le principe de la libre circulation des données à caractère personnel - dont celles dont il est question en l'espèce - dans le respect des dispositions «de protection des données» des différentes législations nationales des Etats membres de l'Union européenne. Ainsi la communication des informations aux autorités policières belges est comprise dans la notion de traitement de données à caractère personnel telle que définie à l'article 2 de la loi du 2 août 2002 précitée.

- La coopération est exercée entre tous les pays signataires de la Convention d'application de l'Accord Schengen. Ces échanges d'informations se font principalement avec nos pays limitrophes. En l'espèce la personne concernée ne dispose pas du droit à l'information et ceci en vue de sauvegarder la prévention, la recherche, la constatation et la poursuite d'infractions pénales ou le déroulement de procédures judiciaires, au sens de l'article 8 paragraphe (1) et de l'article 17 de la loi du 2 août 2002 précitée. Il s'ensuit donc que l'automobiliste concerné ne doit nullement être avisé pour les raisons sus énoncées de ce que les autorités de police luxembourgeoises sont ou ont été amenées à fournir leur identité aux autorités policières belges dans la mesure nécessaire pour leur permettre de constater des infractions pénales - en l'occurrence celles prévues au code de la route - survenues sur leur territoire.

**Q 36**

Question 1870A (29.1.2003) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant les modalités du paiement du complément de fin d'année:

D'lescht Joer, den 22. am Wäimount, hunn ech eng parlamentaresch Ufro (N°1870) un lech geriicht *(cf. compte rendu N°4/2002-2003)*. An dëser Fro goung et ëm déi um Rentendësch décidéiert, an de 5. Juni 2002 vun der Volleksvertriederkummer gestëmmte Joresennzoulag fir Rentner. Dës Zoulag gouf och am Chrëschtmount d'lescht Joer fir d'éischt ausbezuelt.

An Ärer Äntwert hutt Dir mir versécher, datt „op der Iwwerweisung (sic!) vun der Joresennzoulag de Brutto, déi sozial a steierlech Ofzich an (sic!) den Netto vermierkt" gëtt. Dat ass awer net geschitt.

Dofir dës Froen:

1. Firwat goufen d'Rentner awer net iwwert d'Zesummesetzung vun hirer Joresennzoulag informéiert?

2. Ginn d'Rentner dach nach informéiert - deene meeschten ass et nämlech zimlech „schleierhaft" wéi et zu deem iwwerwisene Montant kënnt - a wa jo, wéini?

Réponse (18.2.2003) de M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale:*

Et huet sech an der Praxis erwisen, datt et onméiglech war, op all Iwerweisungsfiche vun der Joresennzoulag eng detailléiert Ofrechnung vun de Steieren ze schreiwen. Dat hätt eng enorm Verwaltungsaarbecht mat sech bruecht, dat ëmsou méi, well all Berechnung individuell, op Basis vun dem perséinlechen Dossier, opgestallt huet misse ginn, een also keng uniformiséiert Prozedur asetze konnt.

Derniewent handelt et sech ëm eng ganz technesch Berechnung, déi schwéier fir de Laien ze verstoen ass. An dozou muss och bemierkt ginn, datt et sech jo ëm Verbesserunge fir deen eenzelnen Assuré handelt an esou Verbesserunge mussen net mat enger Ofrechnung justifizéiert ginn. Dat gesot, kann awer jiddfer Assuré sech u seng Pensiounskeess wenden, wou hie selbstverständlech all Detailer matgedeelt kritt.

Question 1884 (5.11.2002) de M. Alex Bodry *(LSAP)* concernant l'enseignement musical:

Selon la loi du 28 avril 1998 et son règlement d'exécution tous les enseignants de l'enseignement musical sont engagés contractuellement sous le statut soit de fonctionnaire communal, soit d'employé communal, soit d'employé privé au service de la commune. Le but de la loi en question était notamment de permettre de créer des emplois stables dans le secteur de l'enseignement musical. A l'époque, il y avait des craintes que certains musiciens, fonctionnaires de par leur engagement, en occupant à côté de leur tâche principale une deuxième tâche d'une envergure dépassant même parfois une tâche complète, ne fassent obstacle à l'accès à la fonction de jeunes musiciens.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à M. le Ministre de l'Intérieur et à Mme la Ministre de la Culture:

- Les craintes de l'époque, en ce qui concerne la probabilité que des fonctionnaires occupés à titre accessoire bloquent l'accès à la profession dans l'enseignement musical à des jeunes musiciens, ont-elles pu être confirmées entretemps?

- La demande actuelle en ce qui concerne les postes de l'enseignement musical suffit-elle pour couvrir les besoins?

- Quel est le nombre de non-résidents qui occupent un poste dans l'enseignement musical?

Réponse commune (16.1.2003) de Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche* et de M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur:*

Le Gouvernement en Conseil, par sa décision du 11 juin 1999, a prévu pour les années 1999 à 2002 une réduction progressive du volume des activités accessoires pouvant être prestées notamment par les musiciens militaires, ramenant à partir de l'automne 2002 ces activités à un volume total de 7 leçons hebdomadaires.

La moitié des leçons d'enseignement devenues disponibles en exécution de cette mesure ont pu être confiées par les autorités communales à des enseignants exerçant leur occupation à titre principal. Il y a toutefois lieu de constater qu'en raison du fait que l'enseignement musical relève d'un ordre d'enseignement facultatif et qu'il est très difficile d'évaluer même à moyenne échéance le besoin en personnel dans différentes branches, les autorités communales ont été très réticentes dans le passé pour ce qui est de la création de postes à tâche complète et sous le statut du fonctionnaire communal. C'est pourquoi la grande majorité des postes d'enseignants dans l'enseignement musical communal ne comportent qu'une tâche partielle, les engagements afférents étant opérés sous le statut de l'employé privé et pour une durée déterminée. Il en résulte que bon nombre de jeunes qui ont commencé leurs études supérieures en la matière ou qui sont sur le point de les terminer, ne pourront se voir accorder à moyen terme que des postes à tâche partielle. L'on devra donc constater que la création d'emplois stables dans l'enseignement musical communal, qui a constitué l'un des principaux buts visés par la loi du

28 avril 1998 portant harmonisation de l'enseignement musical, restera à l'avenir un objectif primordial à atteindre par les autorités communales concernées, objectif dont la réalisation exigera évidemment une concertation et une collaboration étroite entre les différentes autorités communales intéressées.

Pour ce qui est de la gestion du personnel enseignant, il y a lieu de constater qu'à l'heure actuelle le personnel qualifié disponible permet de satisfaire d'une façon générale les besoins en personnel de l'enseignement musical du secteur communal. Il importe toutefois de relever que l'enseignement musical, dans la mesure où il s'agit d'un ordre d'enseignement facultatif, est évidemment assujetti à d'importantes fluctuations en ce qui concerne la demande en formation dans les différentes branches. Ainsi la percussion suscite actuellement un grand intérêt auprès de nombreux élèves, ce qui fait évidemment augmenter sensiblement les besoins en personnel enseignant en la matière, tandis que d'autres branches moins sollicitées connaissent une pléthore de chargés de cours.

**ENSEIGNEMENT MUSICAL - POPULATION ENSEIGNANTE**
ANNEE SCOLAIRE 2001/2002

| ECOLES | RESIDENTS | NON-RESIDENTS | NATIONALITES | | H/ECOLES DES NON-RESIDENTS | H/ECOLES DES RESIDENTS | TOTAL H/ECOLES |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| UGDA + Clervaux | 87 | 49 | B<br>D<br>F | 38<br>07<br>02 | 693,85 | 1027,98 | 1721,83 |
| Luxembourg | 114 | 19 | B<br>D<br>F | 07<br>06<br>06 | 195,5 | 1611,25 | 1806,75 |
| Esch/Alzette | 33 | 03 | B | 03 | 29 | 815,5 | 844,5 |
| Ettelbruck / Diekirch | 67 | 16 | B<br>D<br>F<br>NL | 09<br>02<br>02<br>03 | 181,75 | 740,25 | 922,5 |
| Bascharage | 19 | 06 | B<br>D | 05<br>01 | 57,5 | 84,5 | 142 |
| Echternach | 38 | 05 | B<br>D | 02<br>03 | 79,1 | 376,5 | 455,6 |
| Differdange | 17 | 0 | | | 0 | 84,25 | 84,25 |
| Dudelange | 35 | 08 | B<br>F | 05<br>03 | 79,75 | 384,05 | 463,8 |
| Grevenmacher | 15 | 05 | B<br>D | 02<br>03 | 89,1 | 96,65 | 185,75 |
| Pétange | 27 | 01 | B | 01 | 17,75 | 265,5 | 283,25 |
| Redange | 23 | 02 | B<br>F | 01<br>01 | 37,8 | 252,2 | 290 |
| Wiltz | 08 | 08 | B | 08 | 28 | 77,75 | 105,75 |
| TOTAL | (483)* | (122)* | B<br>D<br>F<br>NL | 82<br>23<br>14<br>03 | 1489,1 | 5816,88 | 7305,98 |

* Les chiffres indiqués ne représentent pas le nombre des enseignants, mais celui des contrats de travail conclus par les écoles, certains enseignants étant occupés auprès de plusieurs écoles.

En ce qui concerne le nombre des enseignants non-résidents, il est renvoyé aux données statistiques jointes en annexe qui fournissent des indications au sujet du personnel enseignant engagé pour l'année scolaire 2001/2002. Les informations en question renseignent notamment au sujet de la proportion respective des chargés de cours résidents ou non résidents parmi les enseignants de l'enseignement musical communal. Le nombre élevé d'enseignants non-résidents occupés par les écoles de musique de l'UGDA et celle de Clervaux s'explique en raison du fait qu'un nombre important des sites en question sont situés à proximité immédiate d'une frontière ce qui amène beaucoup de chargés de cours étrangers à poser leur candidature aux postes vacants dans les différents établissements d'enseignement musical. Etant donné que le recrutement en nombre suffisant de personnel résidant au Grand-Duché de Luxembourg s'avère difficile, notamment au nord du pays et que les fonctionnaires de l'Etat exerçant la fonction de chargé de cours à titre accessoire ne s'intéressent guère à ces postes en raison de leurs obligations et horaires concernant leur occupation principale, le recrutement de personnel non-résident s'avère indispensable en vue de garantir le bon fonctionnement de l'enseignement musical communal.

Question 1890 (8.11.2002) de M. Laurent Mosar *(CSV)* concernant la procédure de l'expulsion des délinquants étrangers:

Un certain nombre de résidents étrangers bénéficiant d'autorisations de séjour sur notre territoire se livrent à des activités criminelles. La même chose est vraie pour certaines personnes ne disposant même pas d'une telle autorisation. Les actes commis peuvent bien entendu être de gravité fort variable.

Dans ce contexte, j'aimerais savoir de M. le Ministre si des personnes dont le séjour est soit illégal, soit basé sur une autorisation de séjour dûment délivré à des citoyens non communautaires peuvent être, respectivement sont expulsés du territoire en cas de commission de certains délits particulièrement graves ou de crimes. Dans l'affirmative, je saurais gré à M. le Ministre de bien vouloir me communiquer également si des modalités différentes existent pour l'expulsion de délinquants séjournant régulièrement sur notre territoire et ceux qui ne disposent pas de l'autorisation requise; et quels sont les critères notamment au niveau de la sévérité de la peine encourue, qui sont appliqués en vue de déterminer s'il y a lieu à expulsion.

Réponse (20.1.2003) de M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice:*

1. Les personnes condamnées, ressortissants de pays non membres de l'Union européenne et qui n'ont pas leur résidence au Luxembourg, sont éloignées du Luxembourg après leur libération du Centre pénitentiaire. Si ces condamnés bénéficient d'une libération conditionnelle sur base de l'article 100 du code pénal, ils doivent s'engager auprès du procureur général de quitter le territoire et de ne plus y revenir sous peine de devoir subir le reste de leur peine privative de liberté. Pour le surplus, sur base de l'article 2 de la loi modifiée du 28 mars 1972 concernant l'entrée et le séjour des étrangers, le Ministre de la Justice prend à l'encontre de ces personnes un refus d'entrée et de séjour.

2. Au cas où la personne, au moment de sa libération, dispose ou disposait d'une autorisation de séjour au Luxembourg, le Ministre de la Justice apprécie, au cas par cas, sur base du dossier administratif de la personne concernée, si une mesure d'éloignement, voire un refus d'entrée et de séjour ou une expulsion sont à prendre. Sont prises en compte dans ce cas, d'une part, la gravité des délits ou des crimes commis, c'est-à-dire, le degré de dangerosité que la personne constitue pour la sécurité ou pour l'ordre public, d'autre part, la situation personnelle de la personne au Luxembourg:

- la durée de résidence de la personne au Luxembourg,

- la vie familiale effective au Luxembourg (parents, conjoint, enfants),

- l'existence de relations familiales dans son pays d'origine,

L'honorable parlementaire se réfère à un document intitulé «Propositions pour un programme de prévention du cancer de la prostate au Luxembourg» dont j'ai fait état début janvier 2002 dans une réponse à une précédente question parlementaire portant sur le même objet.

Le prédit document a été élaboré par un groupe de travail composé de représentants des médecins urologues, de la Direction de la Santé, du Laboratoire national de Santé et du CRP-Santé. Il a ensuit été synthétisé et finalisé au sein de la Direction de la Santé. Fin novembre 2002 le document a été présenté à la Direction de l'Union des Caisses de Maladie et au Contrôle médical de la Sécurité sociale.

Les organismes de la Sécurité sociale ont montré de l'intérêt pour un dépistage ciblé du cancer de la prostate et sa prise en charge par l'assurance-maladie. Il a été convenu d'élaborer un projet de lignes directrices pour les médecins, valant «références médicales opposables» au sens de l'article 64 CAS.

Ces «références médicales opposables», à négocier dans la suite par l'Union des Caisses de Maladie avec l'AMMD, porteraient notamment sur la détermination de la population cible, la nature des actes diagnostiques à pratiquer, ne se limitant pas au seul test PSA, ainsi que les suites à réserver à un résultat d'examen laissant soupçonner la présence d'un cancer.

Si le programme ainsi conçu devient opérationnel, son financement pour le volet diagnostic et bien entendu pour la prise en charge médicale ultérieure en cas de détection d'un cancer sera assuré par l'assurance-maladie. En revanche la campagne de sensibilisation qui devra précéder la mise en œuvre du programme ainsi que son évaluation ultérieure seront à charge du budget de l'Etat. D'ores et déjà un crédit est prévu à ces fins pour l'exercice budgétaire 2003.

Question 1929 (4.12.2002) de M. Jos Scheuer *(LSAP)* concernant le service ambulancier public:

Ces dernières années, le nombre de transports de malades non urgents a connu une augmentation constante. On a pu constater que les possibilités du service ambulancier public de subvenir à cette demande croissante en sus de ses missions dans le cadre de l'aide médicale urgente étaient limitées. De ce fait, de nombreuses entreprises et sociétés ont tiré profit de cette situation, afin de proposer leurs services pour effectuer ces transports et se sont équipées de véhicules appropriés. Pourtant, il s'avère que le service ambulancier public accepte fréquemment de transporter des malades non urgents, alors que des cas d'urgences se déclarent et de ce fait les ambulances des centres concernés ne sont pas disponibles dans l'immédiat.

A la lumière de ce qui précède, je voudrais poser les questions suivantes à M. le Ministre de l'Intérieur et à M. le Ministre de la Santé.

Quelles mesures MM. les Ministres entendent-ils prendre afin de remédier à cette situation? Comment entendent-ils garantir aux malades nécessitant des soins médicaux ou chirurgicaux immédiats la disponibilité immédiate d'une ambulance?

Qu'en est-il de la coordination entre les différents établissements hospitaliers en matière de transport de malades?

Réponse conjointe (31.12.2002) de M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur* et de M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale:*

La question de l'honorable député a trait au problème du transport non urgent de patients dans le

cadre du service ambulancier public.

Rappelons d'abord que pour ce qui est du transport ambulancier urgent, la loi du 27 février 1986 relative à l'aide médicale urgente prévoit que seules les ambulances du secteur public sont autorisées à effectuer ces transports.

S'agissant des transports non urgents, il est effectivement exact que leur nombre est en nette progression. Il est dès lors évidemment impératif de garantir la disponibilité des ambulances du secteur public pour les urgences réelles.

Conscient de cette situation, le Gouvernement a inscrit au projet de loi portant création d'une administration des services de secours une réglementation précise concernant le secteur des ambulances privées qui permettra de gérer au mieux l'ensemble des transports urgents et non urgents.

Il importe néanmoins de souligner dans ce contexte que malgré une surcharge réelle des ambulances du secteur public pour des transports non urgents, les services publics ont jusqu'à présent toujours su faire face à la situation et, fort heureusement, toute personne en danger immédiat a pu être prise en charge dans les meilleurs délais par les ambulances du secteur public.

Il est toutefois évident que sans une nouvelle réglementation en la matière, la disponibilité des ambulances du secteur public pour les transports non urgents pourrait s'avérer difficile à l'avenir.

L'honorable parlementaire aimerait encore être informé sur la coordination des différents établissements hospitaliers en matière de transport des malades. Or, en fait, les établissements hospitaliers ne prennent en charge le malade qu'à son entrée à l'hôpital. Ils n'interviennent pas dans le transport des malades. Il est vrai que, pour autant que le transport des urgences est visé, l'ambulance est stationnée auprès de l'hôpital de garde. Un médecin spécialiste en anesthésie réanimation attaché à l'hôpital de garde accompagne l'ambulance vers le lieu où l'urgence s'est produite.

Question 1930 (4.12.2002) de MM. Marc Zanussi et Mars Di Bartolomeo *(LSAP)* concernant le bon fonctionnement des services de l'asbl AMIPERAS:

L'Amicale des personnes retraitées, âgées ou solitaires (AMIPERAS asbl) regroupe plus de 22.000 membres et s'engage depuis de longues années pour les besoins des personnes âgées. Ainsi, par exemple, l'Amiperas offre le service „Vun Dier zu Dier" depuis juin 1997.

Selon nos informations, il semble que cette association rencontre des problèmes mettant en péril le bon fonctionnement et l'engagement continu des services.

Dans ce contexte, nous aimerions savoir de Mme la Ministre quels sont les moyens de soutien que le Gouvernement entend mettre en œuvre pour garantir la continuation du travail précieux à l'égard des personnes âgées de l'association?

Réponse (24.12.2002) de Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse:*

1) Le Ministère de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse verse depuis 1989 un subside à l'Amiperas asbl pour son administration centrale. De 1989 à 1995, ce subside s'élevait à 2.000.000 LUF. Depuis 1996 le subside annuel s'élève à 54.536,58 EUR (soit 2.200.000 LUF).

2) En complément au subside de 54.536,58 EUR, et afin de permettre à l'Amiperas asbl de garantir un travail administratif approprié, le Ministère de Famille renouvelle annuellement depuis 1992 la convention relative à un poste d'employé de la carrière D. En 2001, cette participation financière s'élevait à 55.105 EUR.

3) Depuis 1989, le Ministère de la Famille a conclu une convention avec l'Amiperas asbl en vue d'assurer le fonctionnement de son ancien foyer de jour, évolué en centre régional d'animation et de guidance pour personnes âgées en 1999. En 2001, la participation financière s'élevait à 113.820 EUR.

4) Pour l'année 2003, le renouvellement des deux conventions citées plus haut, ainsi que le versement annuel du subside destiné à l'administration centrale de l'Amiperas sont prévus.

5) Il échet également de noter que l'association peut introduire des demandes de subsides extraordinaires à charge du fonds spécial pour le financement des infrastructures socio familiales.

Aussi, à titre d'exemples, ont peut citer les demandes suivantes:

Club Senior «Um leschte Steiwer»

- Mise en état du monte escalier
  06/04/1999 44.160 LUF
- Subsides minibus
  17/04/2001 1.100.944 LUF
- Matériel informatique
  12/07/2000 100.000 LUF
- Remplacement mobilier cuisine
  31/08/2000 2.200.000 LUF
- 6 fauteuils
  04/12/2000 300.000 LUF
- Matériel de nettoyage
  20/03/2001 47.467 LUF
- Travaux de raccordement électrique
  20/03/2001 64.130 LUF
- Rideaux
  20/03/2000 106.000 LUF
- Appareil photo digital
  18/04/2001 24.000 LUF

Service «Vun Dier zu Dier»

- Véhicule
  06/04/1999 650.000 LUF

Question 1931 (5.12.2002) de M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)* concernant l'information du public des changements législatifs au 1er janvier 2003:

La date du premier janvier donne chaque année lieu a un certain nombre de changements et adaptations dans notre législation et réglementation notamment dans les domaines social et économique (prix), fiscal, etc., ayant des répressions sur les assurés et les consommateurs.

Dans l'intérêt d'une meilleure information des administrés et consommateurs, M. le Ministre n'estime-t-il pas qu'une information coordonnée s'impose?

M. le Ministre entend-il charger le Service Information et Presse de cette mission?

Quels seront les changements les plus importants au premier janvier 2003?

Réponse (23.1.2003) de M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat:*

En réponse à la question parlementaire N°1931 du 5 décembre 2002 de M. le Député Mars Di Bartolomeo, concernant la nécessité d'une «information coordonnée» des administrés, je voudrais me référer à la réponse que j'ai fournie l'année passée à la question parlementaire N°1410 du même auteur *(cf. compte rendu N°5/2001-2002)*.

Tout d'abord je voudrais signaler qu'au début de l'année 2003, le site Internet du Gouvernement, www.gouvernement.lu, a fourni un ensemble d'informations utiles aux administrés et consommateurs, présentées sous forme de rétrospectives. Ainsi le site fournit à l'heure actuelle un aperçu des principales décisions prises par le Conseil de Gouvernement en 2002. En même temps, une actualité gouvernementale avait signalé dès le 1er janvier 2003 les principaux changements au niveau législatif entrés en vigueur à partir de cette date.

Je voudrais également attirer l'attention de l'honorable député au fait que si la date du premier janvier «donne chaque année lieu à un certain nombre de changements et adaptations dans notre législation et réglementation» qui ont, effectivement, des répercussions tant négatives que positives sur les administrés, il ne faut toutefois pas surestimer l'importance de la date du premier janvier dans le contexte législatif et réglementaire. En effet, sauf entrée en vigueur spécifique, une très grande partie de lois ou règlements grand-ducaux tout aussi importants ou intéressants entrent en vigueur tout au long de l'année. Le cas échéant, les membres du Gouvernement assurent dans ce contexte leur obligation d'informer le grand public par l'intermédiaire des médias luxembourgeois. Et en règle générale, la presse luxembourgeoise remplit parfaitement son rôle informatif.

Puis-je rappeler dans ce contexte que, comme je l'ai déjà signalé l'année passée, il est vrai que cette information peut parfois apparaître disparate, mais cela tient au fait «qu'elle passe par différentes étapes institutionnelles et, partant, par différents organes de communication à des moments souvent éloignés dans le temps».

Je voudrais aussi rappeler que vu que le support papier «se prête très peu à l'information ad hoc en raison de démarches administratives et de processus d'impression assez longs», un rôle de plus en plus important incombera dans ce domaine au site Internet du Gouvernement qui vient de connaître une restructuration profonde du point de vue graphique et du contenu dans le contexte de l'introduction d'un système pilote CMS élaboré dans le cadre de e-gouvernement.

Question 1933 (5.12.2002) de M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)* concernant la régression de la consommation interne:

D'après les experts de la Commission européenne, la régression de notre croissance économique ne serait pas seulement due aux problèmes actuels du secteur financier mais également à une régression de la consommation interne.

Comme cependant cette régression coïncide avec la réduction sensible des impôts, une augmentation non négligeable des rentes et pensions, un accord salarial dans la fonction publique et partant avec un accroissement du pouvoir d'achat, j'aimerais connaître les explications du Gouvernement face à cette régression de la consommation interne?

Quels sont les principaux secteurs concernés par cette régression?

Réponse (15.1.2003) de M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie:*

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe une note du STATEC qui analyse en détail l'évolution de la consommation privée en 2002 telle qu'elle se dégage des chiffres statistiques actuellement disponibles *(annexe à consulter au Greffe de la Chambre des Députés)*.

**Q 41**

Je vous prie de noter que votre missive du 5 décembre 2002 m'a été transmise par le Ministère des Finances le 23 décembre 2002 seulement. Le STATEC n'a eu connaissance de cette question que le réveillon de Noël. Je vous demanderais donc votre indulgence quant au délai de réponse.

La réponse du STATEC se résume ainsi:

- Plusieurs éléments justifient le ralentissement prévu de la consommation finale des ménages en 2002, dont le ralentissement de la création d'emplois, le tassement de la progression des salaires, la baisse des revenus du patrimoine (cours boursiers et taux d'intérêt) et le climat économique général.

- Malgré un net ralentissement de la consommation finale des ménages, la progression de celle-ci reste encore importante en 2002, du moins en comparaison européenne.

- Il faut tenir compte aussi du fait que la consommation finale des ménages a peu d'impact sur le PIB du Luxembourg en raison du degré d'ouverture exceptionnellement élevé.

- Le secteur le plus affecté par le ralentissement de la consommation des ménages est le commerce de détail. Des effets négatifs n'ont pas encore pu être observés pour les autres secteurs, à savoir le marché automobile, les services personnels, récréatifs, culturels et sportifs.

Question 1934 (5.12.2002) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant l'achat d'un airbus A400M:

Gëschter huet den däitsche Verdeedegungsminister Peter Struck am Bundestag annoncéiert, datt d'Regierung hir Commande vum neien Airbus Arméitransportfliger A400M ëm 13 Stéck reduzéiere géing, op elo nëmmen nach 60 Fligeren. Grond fir dëse Réckzéier ass déi desolat finanziell Situatioun vun der däitscher Regierung. D'Lëtzebuerger Regierungskoalitioun hirersäits hat ursprénglech wëlles ee vun dëse Militärfligeren ze kafen.

Och zu Lëtzebuerg huet sech d'finanziell Situatioun verschlechtert a mam däitsche Réckzéier hu sech och d'Prémissen, ënnert deenen d'Lëtzebuerger Regierungskoalitioun sech bereet erkläert hat, sech un der europäescher Oprüstung ze bedeelegen, völleg verännert.

Op Grond vun dëser neier Situatioun stelle sech folgend Froen:

1. Hält d'Regierung weider, wéi urspréinglech geplangt, um Kaf vun engem Militärtransportfliger fest? Verzicht se ganz drop oder reduzéiert se hiert Kafverspriechen op eng einfach Bedeelegung um Kaf oder och just nach un den Entwécklungskäschten?

2. Verdeiert sech duerch d'Reduktioun vun der urspréinglech geplangter Commande de Lëtzebuerger A400M - d'fix Käschte vun der Produktioun bleiwe jo déiselwecht?

3. Mat wéi engem Endkafpräis ass elo ze rechnen?

Réponse (9.1.2003) de M. Charles Goerens, *Ministre de la Défense:*

Ier ech op déi dräi konkret Froen, déi mir gestallt goufen, äntweren, wëll ech fir d'éischt verschidde generell Remarke maachen.

An der Erklärung vun der Regierung iwwert déi wirtschaftlech, sozial a finanziell Lag vum Land huet de Statsminister den 10. Mee 2000 an der Chamber deklaréiert, datt Lëtzebuerg, wann et an der NATO a virun allem an der Europäescher Unioun seng Plaz hale wëllt, och säin Deel un de gemeinsame Stabilitéits- a Friddensustrengungen iwwerhuele muss.

Weider huet hie gesot, datt et d'Absicht vun der Regierung wier, de Prozentsaz, dee Lëtzebuerg vu sengem PIB zu Verdeedegungs- a Sécherheetszwecker opbréngt, op däitlech 1 Prozent eropzesetzen.

Ouni eng stupid Militariséierung wëllen ze bedreiwen, well dovu si mir Liichtjoren ewech, muss Lëtzebuerg sech d'Mëttele ginn, fir als glafwierdege Member vun der Europäescher Unioun a vun der NATO d'Stabilitéitsverantwortung an Europa matzedroen.

Aus dësen Iwwerleeungen eraus huet d'Regierung décidéiert, nieft Däitschland, Frankräich, Spuenien, Groussbritannien, der Türkei a Portugal, zesumme mat der Belsch een Transportfliger A400M ze kafen.

Wat elo d'parlamentaresch Ufro vum Deputéierte Jaerling ugeet, wëll ech Folgendes äntweren:

1. Och wann d'finanziell d'Situatioun vum Stat sech am vergaangene Joer net esou positiv entwéckelt huet wéi initial erwaart, sinn eis Statsfinanze ganz gesond.

Ech verweise weider dorop hin, datt d'Liwwerung vum Lëtzebuerger Transportfliger A400M fréistens nom Joer 2017 virgesinn ass. D'Uschafungskäschte kënnen also iwwer eng relativ laang Zäit budgétiséiert ginn, an de Statsbudget gëtt an deene verschiddene Joren net iwwerméisseg belaascht.

D'Regierung gesäit de Moment keng Nécessitéit fir op de geplangte Kaf vum A400M ze verzichten.

2. Doduerch datt Däitschland seng Commande vun 73 op 60 Transportfliger reduzéiert huet, ass et méiglech datt de Präis vum Lëtzebuerger A400M sech marginal verdeiert. Ech kann de Moment awer nach keng Zuelen nenne well d'Verhandlunge mat dem Fabrikant, der 'Airbus Military Corporation', eréischt Mäerz-Abrëll 2003 ofgeschloss solle ginn.

3. De Präis vum Lëtzebuerger Transportfliger A400M gëtt mat den Donnéeën, déi elo bekannt sinn, op 107,35 Milliounen Euro chiffréiert (konstante Präis Base 1998).

**Chamber TV weist all öffentlech Sëtzung live an integral**

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bërmereng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hiefenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem a Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

**Compte rendu des séances publiques**
**N° 10 – Session ordinaire 2002-2003**

31e séance, jeudi 13 février 2003
32e séance, mardi 25 février 2003
33e séance, mercredi 26 février 2003

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

*S.E. M. José Manuel Durão Barroso à la Chambre des Députés*

# Irak et intégration



Face à la crise irakienne, le Premier Ministre portugais veut avant tout éviter des "conséquences profondes" pour les relations américano-européennes. Il estime que - faute d'une position commune - les Européens auraient intérêt "à ne pas apparaître comme adversaire des Etats-Unis, mais de leur accorder l'appui qu'ils attendent de nous qui sommes, ne l'oublions pas, leurs alliés." M. Durão Barroso a effectué une visite officielle à Luxembourg le 10 mars 2003, au cours de laquelle il a également rencontré une délégation parlementaire.



*Le Premier Ministre portugais accueilli par le Président et le Secrétaire général de la Chambre des Députés (à g.), et entouré par les membres de la délégation portugaise et de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense de la Chambre des Députés*

L'intégration des ressortissants portugais au Luxembourg fût l'autre sujet marquant les entretiens de M. Durão Barroso à la Chambre des Députés. Dans ce contexte, le Premier Ministre portugais s'est prononcé en faveur du principe de la double nationalité, tout comme il salue toute autre mesure visant une plus grande participation civique et autre de ses concitoyens dans leur pays hôte.

Le faible volume d'échanges commerciaux entre le Luxembourg et le Portugal et la quasi-identité de vues entre les deux pays au sujet de la réforme des institutions de l'Union européenne ont également été abordés au cours des entretiens auxquels participaient - du côté de la Chambre des Députés - M. Jean Spautz, Président, MM. Ben Fayot, Jean-Paul Rippinger, Laurent Mosar, Claude Wiseler, Jacques-Yves Henckes et François Bausch, membres de la Commission des Affaires étrangères et européennes.

# Assemblée parlementaire de l'OSCE



*MM. Ady Jung, François Bausch, Georges Wohlfart et le Président de la Chambre des Députés M. Jean Spautz*

La deuxième session d'hiver de l'Assemblée parlementaire de l'OSCE a eu lieu à Vienne les 20 et 21 février 2003. La Chambre des Députés y était représentée par son Président, M. Jean Spautz, ainsi que par les députés MM. Ady Jung, Georges Wohlfart et François Bausch.

Parmi les points forts de la session d'hiver - dominée traditionnellement par des questions administratives - figuraient l'intervention du Président de la République autrichienne, M. Thomas Klestil, qui a insisté sur la nécessité de renforcer les liens entre les structures gouvernementale et parlementaire de l'OSCE et la remise du prix pour le Journalisme et la Démocratie à la journaliste russe Anna Politkovskaya, qui - au péril de sa vie - a fait des reportages sur la situation générale en Tchétchénie et en particulier sur la violation des droits de l'homme dans cette région.

A noter finalement qu'en marge de la session d'hiver, le Président de la Chambre des Députés M. Jean Spautz a eu un entretien sur des questions politiques et parlementaires d'actualité avec le nouveau président du Nationalrat d'Autriche M. Andreas Khol.

# Un nouveau député…

"Je peux certes reprendre le siège du député Willy Bourg, mais je ne saurai jamais remplacer l'homme." C'est avec ces mots que M. Marcel Sauber a commencé son discours inaugural à la Chambre des Députés, le 11 mars dernier. L'ancien Président du Conseil d'Etat avait été assermenté comme nouveau député peu avant par le Président de la Chambre des Députés, M. Jean Spautz.



# …et un nouveau Vice-Président



Comme suite au décès de M. Willy Bourg, la Chambre a également dû procéder à l'élection d'un nouveau Vice-Président. M. Nico Loes, candidat unique, issu du PCS, a été désigné par acclamation. Membre de la Chambre des Députés depuis le 10 décembre 1992, il rejoint dans cette fonction les deux autres Vice-Présidents, MM. Niki Bettendorf et Jean Asselborn.

# Session de printemps du Parlement Benelux

Le Conseil Interparlementaire Consultatif de Benelux s'est réuni en session plénière au Sénat belge les 14 et 15 mars 2003. Tous les membres de la délégation luxembourgeoise, présidée par M. Ady Jung, y ont assisté. C'est ainsi qu'en dehors de leur Président, MM. Nico Loes, John Schummer, Vice-Président du Parlement Benelux, Jeannot Belling, Mme Lydia Mutsch et MM. Camille Gira et Jean-Pierre Koepp ont pu suivre des débats très fouillés sur des sujets d'actualité et les rapports préparés au cours des semaines précédentes par les diverses commissions et des groupes de travail de l'Assemblée.

Après une question d'actualité sur la peste aviaire, frappant la volaille dans certaines régions du Benelux, le Conseil a discuté, en présence de la Ministre flamande de l'Environnement, des problèmes de pollution marine en mer du Nord. En effet, suite à la catastrophe du Tricolor et des conséquences en ayant résulté dans la région du Zwin, visitée par plusieurs commissions de l'Assemblée, il s'est avéré nécessaire de revoir d'urgence le plan de catastrophe en place.

Le problème des inondations a lui aussi retenu l'attention du Conseil, notamment en raison des divergences des vues belges et néerlandaises en matière de lutte contre ces avaries.

En raison de la situation mondiale inquiétante, des tensions au Moyen-Orient et des menaces de guerre, le sujet de la coopération des pays du Benelux dans le domaine de la politique extérieure a revêtu une importance capitale, ne fût-ce qu'en raison de notables divergences existant à propos d'une intervention en Irak entre les pays du Benelux en général et les Pays-Bas et la Belgique en particulier. Dans un débat général fort animé, basé notamment sur le 46e rapport commun des trois Gouvernements, sont intervenus, après une prise de position du Secrétaire d'Etat fédéral des Affaires étrangères de Belgique, plusieurs orateurs et notamment les Présidents de l'Assemblée balte et du Conseil nordique, dont d'importantes délégations ont assisté à la session.

La loi belge relative aux étrangers et le contrôle des services de police et de renseignements en Belgique, des propositions de recommandations sur les panneaux de signalisation et la fonction d'Ombudsman, ainsi qu'un rapport intermédiaire sur la biotechnologie étaient également à l'ordre du Jour.

En fin de session, M. Jean-Marie Happart, nouveau Président du Parlement Benelux, a brièvement fait rapport sur les travaux du Groupe de travail "Fonctionnement du Parlement Benelux", qui soumettra fin juin à l'Assemblée des propositions concrètes sur une importante réforme des structures et méthodes de travail de l'Assemblée.

Après que lui furent soumises des réponses gouvernementales à des recommandations approuvées antérieurement, l'Assemblée, qui avait été l'hôte à dîner, la veille au soir, de M. Armand de Decker, Président du Sénat de Belgique, a ajourné ses travaux en séance plénière jusqu'aux 27 et 28 juin 2003.



*La délégation luxembourgeoise: MM. Jeannot Belling, Jean-Pierre Koepp, Nico Loes, Ady Jung, Mme Lydia Mutsch et M. Camille Gira*



*M. Armand De Decker, Président du Sénat de Belgique (à g.) et M. John Schummer, Député luxembourgeois, Vice-Président du Parlement Benelux*

# NOUVELLES LOIS

## 4968 - Projet de loi

**portant approbation de la Convention de Vienne sur le droit des traités, signée à Vienne, le 23 mai 1969 et de son Annexe**

Le projet de loi a pour objet l'approbation de la Convention de Vienne sur le droit des traités, signée le 23 mai 1969 et entrée en vigueur le 27 janvier 1980.

Applicable aux accords internationaux conclus par écrit entre Etats et régis par le droit international, la Convention a le mérite d'apporter la sécurité juridique dans une matière régie jusqu'au début du XXe siècle par des normes d'origine principalement coutumière, qui se caractérisent par la lenteur de leur création et l'imprécision de leur contenu. La place croissante des traités comme source du droit international a en effet rendu nécessaire l'élaboration de règles applicables à tout traité conclu entre Etats.

La Convention vise plus particulièrement la conclusion, les réserves, l'entrée en vigueur, l'application à titre provisoire, le respect, l'application, l'interprétation, la situation des Etats tiers, les amendements et modifications, la nullité, l'extinction et la suspension d'application ainsi que les procédures y relatives, les dépositaires, les notifications, les corrections ainsi que l'enregistrement des traités en cause.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 06.06.2001

Rapporteur:
M. Laurent Mosar

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense (Président: M. Paul Helminger):

| | |
|---|---|
| 26.09.2002 | Désignation du rapporteur |
| 03.02.2003 | Présentation et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 25.02.2003

## 5017 - Projet de loi

**relatif à la location avec option d'achat de deux immeubles administratifs destinés aux institutions européennes**

Dans le contexte des élargissements futurs, il est nécessaire d'adapter les institutions européennes aux besoins d'une Union de 28 membres et plus. De même, le Luxembourg exercera la présidence de l'Union européenne au premier semestre de l'an 2005. Il est donc indispensable, quel que soit le nombre de pays membres, qu'à cette occasion les instances européennes au Luxembourg puissent fonctionner convenablement et disposent des infrastructures nécessaires pour leurs tâches.

Les deux immeubles dont s'agit sont les deux bâtiments-tours de 19 étages chacun qui seront construits de part et d'autre de l'avenue John F. Kennedy au débouché du Pont Grande-Duchesse Charlotte. L'ensemble formera la Porte de l'Europe, située dans le voisinage immédiat de la Place de l'Europe avec le Centre de conférences international en voie d'extension et la Salle philharmonique.

Le Parlement européen souhaite occuper ces deux bâtiments (ayant une surface totale en bureaux de 34.166 m$^2$ et des surfaces archives et techniques de 6.275 m$^2$) et conclure, à cet effet, un contrat de bail afin de pouvoir libérer l'immeuble-tour Alcide de Gasperi. Ce déménagement est dans l'intérêt du gouvernement luxembourgeois qui doit rénover et étendre le Centre de Conférences International à temps utile pour assumer la prochaine présidence de l'Union européenne en 2005 et pour disposer des infrastructures prêtes à accueillir des réunions du Conseil des Ministres dans une Union élargie.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 23.08.2002

Rapporteur:
M. Lucien Clement

Travaux de la Commission des Finances et du Budget (Président: M. Lucien Weiler):

| | |
|---|---|
| 24.10.2002 | Désignation du rapporteur |
| 19.11.2002 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 07.02.2003 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'Etat |
| | Examen et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 25.02.2003

## 5063 - Projet de loi

**relatif à l'adaptation budgétaire du projet d'extension du Lycée Technique des Arts et Métiers à Luxembourg-Limpertsberg**

La loi du 27 mai 1993 relative à l'agrandissement et à la rénovation partielle du Lycée technique des Arts et Métiers à Luxembourg-Limpertsberg avait autorisé le Gouvernement à faire procéder aux travaux nécessaires y relatifs. La loi du 5 juin 1997 modifiant la loi du 27 mai 1993 relative à l'agrandissement et à la rénovation partielle du Lycée technique des Arts et Métiers à Luxembourg-Limpertsberg avait complété cette autorisation en prévoyant encore le remplacement des dalles et la mise en conformité de la structure portante de l'aile de la rue des Cerisiers de l'établissement scolaire concerné.

Le coût des dépenses relatif aux travaux projetés passait de 485.000.000 à 610.000.000 LUF (15.121.505 euros).

Le présent projet a pour objet d'autoriser le Gouvernement à adapter l'enveloppe financière accordée à l'évolution réelle et actuelle du chantier. L'exposé des motifs fait état de multiples raisons ayant entraîné le dépassement de ladite enveloppe dû principalement à la qualité des bâtiments existants à transformer et notamment aux travaux supplémentaires de gros-oeuvre à effectuer en conséquence, d'une part, et, d'autre part, aux modifications du programme de construction demandées par la Ville de Luxembourg et l'établissement scolaire.

Enfin, la mise en faillite de quatre entreprises occupées au chantier, tout en entraînant un retard de l'achèvement des travaux, n'a guère favorisé la compression des dépenses y relatives.

Dépôt par Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics, le 04.12.2002

Rapporteur: M. Nicolas Strotz

Travaux de la Commission des Travaux publics (Président: M. Nicolas Strotz):

| | |
|---|---|
| 18.12.2002 | Désignation du rapporteur |
| 08.01.2003 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 27.01.2003 | idem |
| 06.02.2003 | Présentation et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 25.02.2003

## Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Débat d'orientation relatif à la Convention sur l'avenir de l'Europe

   *(Discussion générale - Motion et Résolutions - Votes)*
3. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Henri Grethen, Ministre.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen?

***(Assentiment)***

Den Här Minister Grethen huet d'Wuert fir den Dépôt vun engem Projet de loi.

### 1. Dépôt d'un projet de loi

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Här President, ech sinn duerch groussherzoglechen Arrêté vum 5. Februar autoriséiert den Dépôt ze maache vum

*- Projet de loi 5099 instaurant un régime d'aide à la protection de l'environnement, à l'utilisation rationnelle de l'énergie et à la production d'énergie de sources renouvelables.*

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun deem Projet de loi duerch den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen. De Projet gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

### 2. Débat d'orientation relatif à la Convention sur l'avenir de l'Europe

Op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg steet d'Orientéierungsdebatt iwwert den europäesche Konvent. Et hu sech bis elo agedroen: déi Häre Wiseler, Fayot, Helminger, Gibéryen, d'Madame Wagener, déi Hären Urbany, Calmes a Bausch. Als éischtenageschriwwene Riedner huet den Här Wiseler d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis heiteg Debatt ass net déi éischt iwwert d'Europäesch Unioun an hir Zukunft. Et ass awer déi éischt, déi mer méi spezifesch dem Konvent widmen, deem Konvent deen duerch d'Erklärung vu Laeken dozou bestëmmt ass entscheedend Richtlinnen auszeschaffen, no deene sech d'Stats- a Regierungschefen ab Juni 2003 am Verlaf vun der nächster Regierungskonferenz kënnen a sollen orientéieren.

Dee Konvent ass de konkreten Ausdrock vum Wëlle vum Europäesche Rot fir an der Debatt iwwert déi eigentlech Finalitéit an déi zukünfteg Organisatiouns- a Funktiounsweis vun der Unioun nei Weeër ze beschreiden. An him sinn déi europäesch Acteure vertrueden, deenen hir Zoustëmmung gebraucht gëtt, wann Europa sech e grondleeënden neie politeschen Zouschnëtt gëtt. Vertrieder vun de Regierungschefe vum Europaparlament a vun deenen nationale Parlamenter, sou wéi vun der Kommissioun, beroden zesummen en europäesche Verfassungsvertrag, deen als eenheetlecht konstitutiivt Dokument vum politeschen Europa soll déi aktuell Vertragslandschaft ersetzen.

Originell un där Démarche vum Konvent ass net nëmme seng institutionell verschiddenaarteg Zesummesetzung, mä och déi geographesch. Et ass fir d'éischt an der Geschicht vun der Unioun, dass d'Bäitrëttskandidaten un esou enger Aarbecht gläichberechtegt associéiert sinn, an zwar alleguer. Och d'Türkei hëlt als dräizéngte Kandidat fir en EU-Bäitrëtt um Konvent deel.

Wann dëst Gremium am Ufank och nach vu verschiddene Skeptiker als e quasi informellen Diskussiounsforum ugesi ginn ass, deem seng Zesummesetzung eleng wuel kéint dofir suergen, dass net schrecklech vill bei sengen Debatte géif erauskommen, sou huet de Konvent zënter senger Asetzung viru ronn engem Joer awer, muss ee ganz kloer soen, eng Eegendynamik entwéckelt, déi drop hin deit, dass säin Ofschlossbericht duerchaus kéint méi si wéi e Rapport un den Europäesche Conseil, Rapport mat deem dësen dann eppes ufänkt oder och net.

Am Verlaf vun der Zäit huet d'Zesummesetzung vum Konvent och geännert. Haut sëtzen als Regierungsvertrieder esou vill Aussenan Europaministeren op de Konventsbänken, dass et legitim ass unzehuelen, hei géif d'Aarbecht vun der nächster CIG wierklech préfiguréiert ginn. Däitschland, Frankräich, d'Belsch an d'Türkei hunn hir Ausseministeren delegéiert, Italien säi stellvertriedende Premier, Groussbritannien säin Europaminister. Dëst muss als Zeechen derfir gewäert ginn, dass de Konvent vum renge Berodungs- zu engem halwe Beschlossorgan évoluéiert huet. Dëst bedeit och, dass dat Resultat, op dat de Konvent hischafft, nämlech d'Redaktioun vun engem am Konsens zustan kommende Verfassungsvertrag, wuel kann erreecht ginn. Mir sollten eis Debatt vun haut am Hibléck vun esou engem Dokument féieren.

De Konvent huet elo bal e Joer zënter senger konstituéierender Sëtzung den 1. Mäerz 2002 getaagt. Am Verlaf vun där Zäit huet e quasi all Mount zwou Plenartagungen ofgehalen an zéng Aarbechtsgruppen hu sech mat jeeweils engem fundamentale Reformsujet befaasst, éier se en Ofschlossrapport vun hire Berodunge virgeluecht hunn. Dës Aarbechtsgruppen hunn all wichteg Themegebidder a Politikberäicher am Zesummenhang mat der Unioun ofgedeckt. Vun der Subsidiaritéit an der Vereinfachung vun de Rechtsinstrumenter iwwert d'Aussen- an d'Verdeegungspolitik bis hin zum sozialen Europa leie Berichter vun den Aarbechtsgruppe vum Konvent vir. Elo geet et drëms, aus dëse Berichter Schlussfolgerungen ze zéien, déi sech fir d'Redaktioun vun engem eenheetleche Verfassungstext eegnen. De Konvent ass souzesoen a senger waarmer Phas ukomm.

De Conseil vu Laeken ass dovun ausgaangen, dass déi wesentlechst Aufgab vum Konvent géif dra bestoen - an en huet seng Deklaratioun och dorop axéiert -, de Bierger en neit, e méi kloert, e méi immediat Europabild ze vermëttelen, andeems e Propositioune géif maache wéi een d'Unioun gläichzäiteg géif vereinfachen an dem Bierger se méi no bréngen. E kruziale Schrëtt op deem Wee, dat ass zu Laeken festgehale ginn, ass den Iwwergang vun enger komplizéierter Landschaft vun dräi grondlegende Verträg zu engem eenzege Grënnungsdokument, wat wiesenshaft eng Verfassung misst sinn, och wann iwwert dëse Begréff nach net déi allergréissten Eenegkeet herrscht.

De Wee zur europäescher Verfassung ass eigentlech e logeschen an e virgezeechneten. Eng „union sans cesse plus étroite" tëschent Staten an hire Bierger, sou wéi de Vertrag vu Maastricht se postuléiert, kann op Dauer nëmme vun engem Instrument vum interne Recht begrënnt an organiséiert ginn. Dofir ass den Iwwergang vum Vertrag, engem Instrument aus dem Völkerrecht, zu der Constitutioun als intern Rechtsnorm, déi juristesch Iwwersetzung vun där Aspiratioun zu enger nach méi enker politescher Unioun op eisem Kontinent ze kommen.

Dësen Iwwergang bedeit ganz sécher e qualitative Schrëtt, deem seng Bedeitung net ze ënnerschätzen ass. An de Grënnerjoren huet kaum een dru geduecht déi Gemeinschaften, déi do konstituéiert goufen, op enger anerer Basis wéi op där vu Statenzesummeschlëss ze fondéieren. Deemools ware mer nach wäit ewech vun enger Konzeptioun, déi wëllt dass net nëmmen déi europäesch Staten, mä och déi europäesch Bierger noutwendeg Légitimitéits- a Légitimatiounsquelle sinn, an dass also d'Unioun op enger dualer Basis muss fonctionnéieren.

Virun allem dësem Ëmstand gëtt mat der Redaktioun a mat der Akraaftsetzung vun enger europäescher Verfassung Rechnung gedroen. Europäesch Bierger kënne keng international Verträg mateneen ofschléissen. Dat maache just hir Staten, an et ass domat och just d'Verhale vun de Staten, vun deenen aktuelle 15 Memberstate vun der Unioun, wat an nennenswäertem Mooss vun dem Vertrag geregelt ass, an net d'Verhale vun de Bierger. Mat deem Iwwergang an eng Verfassungsgemeinschaft gëtt dat e wéineg anescht.

Dësen Text stellt domat, a mengen Aen, dee signifikantste Changement an der Bedeitung vun der Europäescher Unioun zënter de réimesche Verträg duer. Natierlech gouf et no 1954 wichteg Momenter mam Acte unique 1985, mam Vertrag vu Maastricht 1991, mä dës Instrumenter hunn d'Wiese vun der Gemeinschaft, respektiv der Unioun net verännert. Et blouf eng Stategemeinschaft. Déi Verfassungsgemeinschaft, op déi mer eis zou bewegen, beréiert awer d'Wiese vun der Unioun. Si gëtt zu enger Staten- a Völkergemeinschaft, déi net méi ausschliesslech um Wëlle vun de State berout, mä och op deem vun den europäesche Bierger.

Ee Wuert nach an deem Zesummenhang zur Begréffsdefinitioun. Wat e Verfassungsvertrag ass, an dat schéngt jo den Term ze sinn op dee sech einstweile festgeluecht gouf, fir dat Dokument, wat am Entstoen ass, ze beschreiwen, dat ass schonn an dëser Etapp schwéier ze soen. Verfassungsverträg sinn onbekannte Wiesen an der juristescher Welt, mä am Kader vun där sui generis Konstruktioun, déi d'Europäesch Unioun ass, muss et och erlaabt sinn, mat sui generis Begréffer ze operéieren. Wann d'Vertragsnotioun nach un deem Konstitutionellen drun hänkt an dat d'Saach vereinfacht, soll een aus enger terminologescher Debatt kee Glawenskrich maachen. Eent ass awer wichteg, ob mer elo vun enger Verfassung einfach esou oder vun engem Verfassungsvertrag schwätzen, d'Bedeitung vum Akt ass ganz genee déiselwecht. Déi eng an déi aner bereeden de Wee an déi dual Légitimitéit, an allen zwee stelle se den Iwwergang zu enger vun enger interner iewegter Rechtsnorm geregelter Unioun vu Staten a Völker duer.

Fir dat Ganzt emol un engem konkrete Beispill festzemaachen: D'Verfassung vun de Vereenegte State vun Amerika fänkt u mat der Formel: „We, the people." Déi europäesch Verträg hunn, obwuel dat net do stong, mä just e Sous-entendu war, ugefaangen op der Basis vun engem: „We, the States." Mä nodeems en europäesche Verfassungsvertrag mam duebele Wëlle vun de Staten an den Europäer um Wee vu Referenden a Kraaft gesat ginn ass, baséiert déi politesch Unioun vun Europa um Konzept vun „We, the States and the people."

Här President, grad well den Iwwergang an d'Verfassungsgemeinschaft esou ee bedeitende Schrëtt ass, muss en op eng iwwerluegte Manéier vollzu ginn. Et gëtt wiesenshaft Ënnerscheeder tëschent engem Vertrag an enger Verfassung, an och wa mer begréfflech déi zwou Notioune matenee fusionéieren, da gëllen dach verschidde Regelen, déi mer musse mateneen an Aklang bréngen. Am Entworf vun deenen éischte 16 Artikele vum zukünftege Verfassungsvertrag, deen de Presidium vum Konvent d'lescht Woch virgeluecht huet, si sécherlech an dësem Kontext nach eng ganz Rei Froen op.

E Verfassungsdeel soll en Dokument sinn, dat nëmmen déi wesentlech Mierkmoler vun deem politesche Gebilde, dat se organiséiert, regelt an dem Sekundarrecht den Detail iwwerléisst. De vertraglechen Deel soll e Kompendium vun Detailprovisioune sinn. Dës zwou Konzeptioune sinn net wiesenshaft Famill mateneen. Wa mer se wëllen an engem eenzegen Dokument matenee vereenen, musse mer nawell dat Konstitutionellt vun deem Vertraglechen trennen.

Et ass kloer, dass de Verfassungsvertrag muss op där enger Säit dat Grondleeënd regelen an zum Ausdrock bréngen, wat d'Wiese vun der Unioun ass. E muss Wäerter an Iwwerzeegungen ausdrécken op denen d'Unioun baséiert, an e muss duerleeën zu wéi enge gemeinsamen Usiichten a Virgoensweisen d'Memberstaten an d'Bierger vun der Unioun sech entschloss hunn. Op der anerer Säit, well e jo d'Verträg, déi mer haut kennen, soll ersetzen, muss hien d'Politike vun der Unioun definéieren, an dat kann net mat manner Detail a manner Déifgang sinn, wéi et de Moment de Fall ass. Also ass et evident, dass an deem konstitutionellen Deel vum Verfassungsvertrag aner Regele gëlle wéi an där vertraglecher Partie.

Gutt ass, dass e puer vun deene wichtege Froen, déi an der Erklärung vu Laeken opgeworf goufen a fir déi vill Memberstaten a Bierger sech interesséieren, schonn an enger éischter Redaktiounsetapp vum Konvent ugepaakt goufen. Et sinn dëst virun allem d'Grondlage vun der Unioun an d'Kompetenzverdeelung tëschent hir an de Memberstaten. Déi institutionell Froen, sou wollten et och d'Stats- an d'Regierungschefen, ginn zu engem spéideren Zäitpunkt am Detail behandelt, dann nämlech wann déi Politiken an Inhalter definéiert sinn, deenen d'Institutiounen am Fong just nëmme sollen déngen.

De Presidium vum Konvent huet d'lescht Woch 16 Artikele virgeluecht déi konstitutioneller Natur sinn. Verschiddener vun den Dispositiounen, déi de Leadership vum Konvent do redigéiert huet, droen, a mengen Aen, awer Elementer vu politescher Programmatik a sech, wou ee sech d'Fro muss stellen, ob se an dee konstitutionellen Deel gehéieren. Déi juristesch Qualitéit a Verbindlechkeet vun den Dispositiounen, déi de Presidium redigéiert huet, stellen eng Rei Froen. Den éischten Artikel ass fir dëse Constat a sech sënnbildlech. Ech wëll deen eng Kéier zitéieren, well en a sech symbolesch ass. Do gëtt gesot: „Inspirée par la volonté des peuples et des Etats d'Europe de bâtir leur avenir commun, cette Constitution établit une Union, au sein de laquelle les politiques des Etats membres sont coordonnées, et qui gère, sur le mode fédéral, certaines compétences communes."

Dass also innerhalb vun der Unioun sënngeméiss all d'Politike vun de Memberstate koordinéiert ginn, ass esou gesot, mengen ech, net ganz richteg. Och den Ausdrock „sur le mode fédéral" seet näischt Konkretes aus. A wat eng „politique commune" ass, steet op jidde Fall net an de 16 Artikelen, déi eis elo virleien. Schliesslech ass den Ausdrock „certaines" ganz sécher een, deen näischt zur Prezisioun vum Verfassungstext bäidréit. Leschtendlech mengen ech, dass d'Verben „coordonner et gérér" an dësem Kontext relativ schwaach Ausdréck si fir dat auszedrécken, wat mer a sech wëlle soen. Et feelt sécherlech, zumindest an deem éischten Artikel, mä och an enger Rei anerer déi duerno kommen, un där grousser Envolée, un deem groussen Idealismus, deen awer zu engem Deel noutwendeg ass fir d'Kreatioun vun deem, wat mer an deenen nächste Jore wëlle maachen.

Ech wëll a kann op dëser Plaz elo keng Analys vun där éischter Versioun vun all deene 16 Artikele maachen. Ech mengen awer, dass déi Versioun, esou wéi se elo hei läit, nach sécherlech ganz staark muss verbessert ginn. Dat war jo och esou geduecht, well d'Konventianer, oder wéi nenne mer se, d'Conventionnés op franséisch, si gebieden hir Amendementer esou schnell wéi méiglech eran ze reechen. Ech ginn dovun aus, dass der och eng ganz Rei schonn elo wäerte kommen. E ganz décke Pak. Ech weess awer och wéi schwiereg et fir se ass, Amendementer an dëser Etapp zu engem Text ze bréngen, wou a sech 16 Artikele virleien an de Rescht vun den Artikelen a sech net do ass, well ee jo net weess, andeem een déi 16 éischt Artikele kennt, wat an deenen nächsten Artikele wäert déi global Konzeptioun vum Text sinn, an et esou evidenterweis extrem schwiereg ass déi éischt Partie emol ze amendéieren, wann een net weess, wat an där zweeter an an där drëtter iwwerhaapt am Detail wäert stoe kommen. Mä ech denken awer, dass et wichteg ass, dass d'Reaktiounen zu dëse Propositiounen direkt elo kommen, well soss riskéiere mer, dass deen Dampfer op sengem falsche Kurs nach een Äisbierg ze pake kritt.

Dem Konvent seng Aarbechte si bis elo erstaunlech positiv verlaf an ech trauen him absolut zou, eng gutt Virlag auszeschaffen, mä nach muss op den éischte Worf vu sengem Leadership elo reagéiert ginn.

Ee Problem, deen ech am Zesummenhang mam Verfassungsvertrag nach speziell wëll beliichten, ass dee vun der Agliderung vun der Charta vun de Grondrechter. Dës Charta ass de Moment an zënter dem Sommet vun Nice eng Absichtserklärung ouni Verbindlechkeet. Si ass net Deel vun der Vertragslandschaft, awer mam Iwwergang an d'Verfassungsgemeinschaft soll se elo verbindlech ginn a wéi all modern Verfassungen een Titel zu de biergerleche Fräiheeten a Rechter beinhalten.

Zwee Problemer stelle sech hei. Den éischten ass dee vun der Charta hirer Lokalisatioun am Verfassungsvertrag. Deen zweeten ass d'Aklobarkeet vun hiren Dispositiounen, an domat verbonnen d'Interaktioun vun der Europäescher Cour zu Lëtzebuerg an dem Geriichtshaff fir Mënscherechter zu

Stroossbuerg. Deen zweeten ass, a mengen Aen, méi schwiereg wéi deen éischten.

Zur Lokalisatioun vun der Charta an der Constitutioun wëll ech just soen, dass fir mech als Net-Jurist déi Fro a sech keng wesentlech ass. Si kann entweder eng verbindlech Preambel vum Verfassungsvertrag ginn oder si gëtt als Verbatim am éischten Deel vun der Verfassung iwwerholl als där hiert „Hauptstück“, wéi dat op däitsch heescht, zu de biergerleche Rechter an hirem Geltungsberäich, oder awer si gëtt duerch ee vun deenen éischten Artikele vun der Verfassung formell verbindlech erkläert a kann dann als autonomen Text weider bestoen, oder och nach, obwuel dat vläicht net déi beschte Léisung ass, si figuréiert als Annexe, wou awer spezifizéiert gëtt, dass se Partie intégrante vum Gesamtinstrument ass. Mä do mussen d'Juriste sech de Kapp driwwer zerbriechen, wat einfach juristesch déi bescht Léisung ass.

Deen zweete Problem ass awer méi delikat. Et ginn, wann d'Charta verbindleche Charakter kritt, zwee Texter, déi op supranationalem Plang d'Grondrechter vun de Bierger vun der Europäescher Unioun etabléieren, an zwar d'Charta fir d'Unioun engersäits an d'europäesch Mënscherechtskonventioun vum Europarot. Well all aktuell an zukünfteg Membere vun der Unioun och Member vum Europarot sinn an der Rechtsspriechung vum Europäesche Gerichtshaff fir Mënscherechter ënnerstinn, kann déi Situatioun enstoen, dass zu därselwechter Dispositioun d'Cour vu Lëtzebuerg eng aner Jurisprudenz entwéckelt wéi déi zu Stroossbuerg, an da gëtt et keng Hierarchie tëschent dësen Décisiounen, wat zu Parallellkonzeptioune vun eenzelne Rechter kéint féieren. Esou eppes wier fir d'Eenheetlechkeet vun der europäescher Mënscherechtskonzeptioun natierlech net besonnesch förderlech.

De Problem kann am Prinzip doduerch geléist ginn, dass d'Europäesch Unioun der Mënscherechtskonventioun bäitrëtt a sech der Jurisprudenz vu Stroossbuerg als sollech ënnerwerft. De Problem dobäi ass awer, dass d'Konventioun bis elo nëmme Regierunge vu Memberstate vum Europarot zougänglech ass, an net enger Organisatioun wéi der Europäescher Unioun, déi jo och mat Verfassungsvertrag nach ëmmer kee Stat gëtt. Well awer déi iwwerragend Bedeitung vun der Stroossbuerger Jurisprudenz muss op d'Unioun ausgeweit ginn, wa mer eng eenheetlech Rechtsspriechung bei de Grondrechter wëlle behalen, muss e Wee gesicht ginn, wéi d'Unioun als sollech kann d'europäesch Mënscherechtskonventioun ënnerschreiwen. E simplen Zousaz zur Konventioun, dass se och ka vun der Europäescher Unioun ënnerschriwwe ginn, géing hei duergoen. Eng Léisung fir dës Fro, denken ech, misst kënne fonnt ginn.

Här President, den zweete Volet, deen ech am Kader vun der Konventsdebatt wollt uschneiden, betrëfft d'Erweiderung vun der Unioun an hir institutionell a politesch Kohesioun mat 25, 27 oder 28 Memberen. E betrëfft och d'Tatsaach, dass weider aacht europäesch Staten nach net Kandidat fir e Bäitrëtt sinn, mä ee se bei der Reflexioun iwwert de finalen Zouschnëtt vun der Unioun net kann definitiv ausser Uecht loossen.

De Konvent mécht seng Aarbecht an der Optik vun enger Unioun zu 28. Dat kann och net anescht sinn, well 28 Länner u senge Berodungen deel huelen. Dozou gehéiert d'Türkei, eng Türkei déi awer nach eng Rei Préalablë muss erfëllen, éier weider Schrëtt folgen. Dobäi geet et ëm d'Erfëllung vun de Kopenhagener Kritären, ëm Mënscherechter, ëm d'Trennung vu Stat an Arméi, ëm Nordzypern an ëm den Ëmgank vun der Zentralregierung mat de Minoritéiten, also Kritäre vu Rechtsstaatlechkeet an Demokratie, déi integral an an der konkreter Applikatioun op deene véier Felder, déi ech opgezielt hunn, applizéiert ginn a sécherlech do och eng Noutwendegkeet sinn.

Ee vun deene 16 Artikelen, déi de Presidium dem Konvent virgeluecht huet, seet och, dass d'Unioun allen europäesche Staten opsteet. Dëst ass eigentlech evident, nodeems ee kann en europäesche Stat am Prinzip kaum ausschléissen, wann en déi verschidde Kritären, déi eng Memberschaft viraussetzt, erfëllt.

Mä dës Feststellung stellt eis alt erëm eng Kéier virun déi wesentlech Fro vun den europäesche Grenzen, an och, irgendwou, wann ech dat vun der philosophescher Säit aus kucken, vun der europäescher Identitéit.

Et geet mer mat dësen Ausféierungen drëms, am Kontext vun den Debatten am a ronderëm de Konvent och d'Fro vun de Grenze vun Europa ze beliichten. Déi geographesch Grenzen nämlech, mat deene mir eis dacks jo ganz schwéier dinn. Ouni elo selwer am Besëtz vun allen definitiven Äntwerten op wichteg europäesche Grenzfroen ze sinn, wëll ech awer soen, dass mer d'Geleeënheet vun dëser Konventsdebatt net solle laanscht goe loossen, ouni déi Fro unzepaken.

Mir maachen duerch déi méi oder manner immediat ustoend Erweiderung vun der Unioun no Osten d'nächst Joer schonn e Schrëtt, deen zu enger Horizonterweiterung bäidréit. Mir kommen an zwee Joer innerhalb vun den Uniounsgrenzen net grad mä bal bis op St Petersbuerg a bis un déi ukrainesch Grenz, mä domat ass et an aller Logik net fir all Éiwegkeet fäerdeg.

Här President, et ass genau aus deem Grond, wou et esou wesentlech ass, dass haut déi richteg Weiche gestallt ginn. Déi richteg Weiche fir de komplexen a schwieregen Apparat, deen d'Europäesch Unioun ass, nach weider steierfäeg ze halen. Ech wëll net ze laang drop agoen, well och dat den Zentralpunkt vun enger Resolutioun wäert sinn, déi den Här Fayot duerno déposéiere wäert an zu där ech wéilt soen, fir se e wéineg ze relativéieren, dass et sécherlech eng Resolutioun ass, déi d'CSV mat ënnerschriwwen huet an déi mer och mat droen, mä déi ee menger Meenung no awer muss gesinn zu dësem Zäitpunkt an zu dësem Diskussiounspunkt, wou mer wëssen, dass dee Konvent nach weider wäert diskutéiert ginn, dass d'Evolutioun vun all deene Punkten, déi do ugeschnidde gi sinn, sécherlech an deem nächste Mount wäert weider goen a wou an zwee, dräi Méint vläicht dat iwwerholl ass wat elo gesot gëtt. Dofir wëll ech se wierklech an den Zäitkader vun haut a vun deenen nächste Wochen aschreiwen, wou mer wëssen, dass déi Diskussioun an zwee, dräi, véier Méint sécherlech en aneren Inhalt an aner Ausgankspunkte wäert hunn.

E puer Punkte wëll ech awer opzielen, well se fir Diskussioun an der Konventioun an an hiren Aarbechtsgruppe gesuergt hunn a well all déi Rapporten, déi mer aus dem Konvent kritt hunn, sech och ëm dës Punkten dréinen.

Fir d'éischt - an ech hale mech wierklech ganz kuerz - wëll ech nach eng Kéier, well mer dat schonn oft an Debatte gesot hunn, déi heibannen iwwert d'europäesch Institutioune gefouert gi sinn, déi zentral Wichtegkeet widderhuelen, déi an eisen Aen d'Kommissioun huet. A well se esou eng zentral Wichtegkeet huet, si mer der Meenung, dass se muss renforcéiert ginn, fir dass de President vum Parlament gewielt, also legitiméiert ass, fir dass eng Egalitéit zwëschent de Membere vun der Kommissioun weider bestoe soll, déi am kolleegiale System weider schaffe sollen, well dat einfach d'Vertraue vun de Bierger an déi Institutioun vun der Kommissioun garantéiert.

Si soll och responsabel si virun deenen Institutiounen, déi se agesat huet, a se soll weider, nach wie vor - an dat ass wesentlech an eise Reflexiounen -, d'exklusiivt Initiativrecht hu fir déi legislativ Prozedur ze entaméiere fir Direktive weider ze ginn. Si kann dat och maachen op Invitatioun vum Conseil, op Invitatioun vum Parlament, mä wa se et refuséiert ze maachen, da muss se dat just motivéieren. Si kann net dozou gezwonge ginn. Dat exklusiivt Initiativrecht ass wesentlech. An da mussen natierlech och déi exekutiv Fonctioune vun der Kommissioun an deenen heiten Diskussioune verstäerkt ginn.

Wat déi legislativ Fonctiounen ugeet, menge mir, dass de System vun der Majorité qualifiée nach weider sollt ausgebaut ginn an dass d'Méthode communautaire och an Domäne wéi dem Asyl, der Migratioun an der Coopération judiciaire eng Noutwendegkeet fir d'Zukunft ass. Wann een d'exekutiv Fonctioune vun der Kommissioun erweidert, dann erlaabt dat en contrepartie dem Conseil sech méi konkret ze konzentréieren op déi Impulsmissiounen, déi a sech seng sinn, op d'Definitioune vun deene grousse politeschen, generelle Linnen an haaptsächlech och gréisser Impulser ze ginn am Kader vun der PESC.

Wat d'Présidence vum Conseil ugeet - just ganz kuerz - ass et evident, dass et net esou soll sinn, dass de President vum Conseil en dehors vum Conseil soll kënne gewielt ginn an dass d'Rotatioun, déi am Conseil besteet, schonn e positive Facteur ass, well se u sech d'Implikatioun vun deenen eenzelne Länner an dat ganzt Geschehen erlaabt. Mir sinn awer der Meenung, dass de Conseil vun den Affaires générales scho vum President vun der Kommissioun soll presidéiert ginn.

Op där anerer Säit kann déi Diskussioun iwwert d'Aussepolitik sënnvoll geléist ginn, andeem den Haut Représentant engersäits an de Commissaire aux relations extérieures vun der Kommissioun eng an déiselwecht Persoun wier, déi eng duebel Casquette hätt an déi och Vizepresident vun der Kommissioun wär an domat dat noutwendegt Gewiicht hätt. Dat géif der europäescher Aussepolitik déi absolut noutwendeg a wesentlech Koherenz vläicht kënne ginn.

Wat déi national Parlamenter ugeet - dat ass jo och e wichtege Punkt fir eis hei am Haus -, ass et evident dass se sollen - wat se jo bis elo net waren - an déi europäesch Architektur mat agebaut ginn. Mir soen do Jo zu enger normaler préalabler Transmissioun vun de legislative Propositiounen un déi national Parlamenter. Mir soe Jo zum Renforcement vum COSAC, well hien erlaabt e besseren Echange vun Informatiounen ze maachen. Mir soen och Jo zum Contrôle vun der Subsidiaritéit, an zwar ex ante vun den nationale Parlamenter an zum Abau an esou engem Vertrag vun engem Mécanisme d'alerte précoce, deen et de Parlamenter erlaabt an engem fréizäitege Stadium ze reagéieren.

Mä mir mussen eis awer och bewosst sinn, wa mer dat afroen, wa mer dat verlaangen, dass mir eis och heibannen d'Moyene musse gi fir et dann ze realiséieren. An dat ass jo ee vun de Punkten, wou et net esou einfach ass a wou mer eis säit enger Rei Jore mat schwéier doen, mä ech denken dass awer déi europäesch Komponent an der Lëtzebuerger Politik haut schonn esou eng riseg Wichtegkeet huet a mar nach méi eng grouss Wichtegkeet kritt, dass et einfach net méiglech ass, dass mir eis net déi noutwenneg Moyenen dofir ginn.

Par contre si mer der Meenung, dass dee Congrès des Peuples d'Europe, déi drëtt Chamber, dee Senat wéi en och heiansdo virgeschloe gëtt, keng gutt Iddi ass, well dat déi schwéierfälleg Institutiounen, déi awer elo heiansdo an Europa fonctionnéieren, sécherlech net wäert vereinfachen. Au contraire, dat mécht se nach méi schwéierfälleg, nach méi onduerchsiichteg. Dofir si mer der Meenung, dass een net soll op dee Wee goen.

Dann am Kader vun dem Contrôle vun der Subsidiaritéit vun de Parlamenter an dem Mécanisme d'alerte précoce muss ech soen, dass ech mer awer eng Rei Froe stellen, quitte dass de Konvent elo an der lescht majoritaire schéngt op esou e Wee ze goen, iwwert d'Méiglechkeet, déi een ex post, dat heescht nodeem dass d'Saachen zu Bréissel a Kraaft getruede sinn, deenen eenzelnen nationale Parlamenter wëllt ginn am Kader vun de Subsidiaritéitsfroen, fir der Cour de Justice européenne d'Méiglechkeet ze gi vun de Parlamenter befaasst ze ginn, fir duerno ze intervenéieren.

Ech si wierklech der Meenung dass de Contrôle, deen d'Parlamenter sollen exercéieren, e politesche Contrôle sollt ginn, an dass een net sollt op de Wee goe fir am Fong enger politescher Instanz, déi d'Parlamenter sinn, d'Méiglechkeet ze gi fir op eng Cour de Justice ze goen, wa se mat eppes net d'accord sinn. Op jidde Fall stéiert mech dat, esou wéi ech d'Institutiounen an de Fonctionnement vun den Institutioune gesinn.

Dann denken ech och, dass et gutt ass fir de Prinzip vum Konvent an de Verfassungsvertrag anzeschreiwe fir zukënfteg Ännerungen. De Prinzip vum Konvent - dat soen ech awer ganz kloer -, net onbedéngt d'Method vum Konvent, well ech denken - ech sinn elo net Member vum Konvent -, wann ech déi Leit, déi vun der Chamber an de Konvent geschéckt ginn, heiansdo an der Commission des Affaires étrangères héiere schwätzen a wann ech och Zeitunge liesen, da gesinn ech, dass awer d'Method vum Konvent, esou wéi se bis elo ass, eng Rei Problemer mat sech bréngt. Esou dass ech denken, dass mer eis sollten - wann dat Ganzt elo an enger Etapp ass, wou mer weider si mat den Evolutiounen - eng Kéier dohinner setzen an aus där Method eng Kéier Konklusiounen draus zéie sollten, wat un der Method gutt a schlecht war, an dann eis do definitiv festleeën. Jo zum Prinzip vum Konvent, woubäi een awer iwwert d'Method eng Kéier Konklusioune muss maachen, wann déi Saach méi fortgeschratt ass.

Här President, mäi leschten Themeblock haut de Mëtteg ass dee vun der Roll vun Europa an der Welt. Dëse Sujet wëll ech net am loftleere Raum behandelen, mä un den Ambitioune festmaachen, deen de Konvent a säi Presidium am Kontext vun deenen éischte 16 Verfassungsartikele fir déi europäesch Aussewierkung huet.

De Projet, dee vum Konventspresident virgeschloe ginn ass, kléngt wéi eng Wonscherklärung zur gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik, déi sech drop limitéiert eng guer net definéiert PESC als eng Loyalitéitsaufgab fir d'Memberstaten ze instituéieren. Si ass net Deel vum virgeschloene Kompetenzarrangement, an deemno weder eng exklusiv Kompetenz vun der Unioun, nach eng gedeelten Zoustännegkeet. Si ass eng pur Facultéit, eng Optioun, an den Text vun deem Artikel, dee sech de Konventspresidium fir d'PESC ausgeduecht huet, formaliséiert dat esou - an ech zitéieren den Text: „Les Etats membres appuient activement et sans réserves la politique étrangère et de sécurité commune de l'Union dans un esprit de loyauté et de solidarité mutuelle. Ils s'abstiennent de toute action contraire aux intérêts de l'Union ou susceptible de nuire à son efficacité.“

Ech hätt léiwer gehat, Här President, wann déi gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik e gréisseren a méi däitleche Stellewäert an der projetéierter Kompetenzlandschaft vun der Unioun gehat hätt. Mä wat net ass, dat ka jo nach ginn.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Et gesäit ganz gutt aus.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Voilà.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Dat do steet am Maastrichter Vertrag, Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo, mä ech sinn awer der Meenung, dass d'PESC an Zukunft, esou wéi d'Währungspolitik, ee vun de Kärberäicher vun dem europäeschen Handele misst ginn, an et ass méi néideg haut wéi et jee néideg war.

Déi europäesch Sichtbarkeet an der Welt gëtt ëmsou méi héich bewäert wéi net nëmmen hire wirtschaftlechen, mä och hiren demographesche Volume bestänneg zouhëlt. Mat der Erweiderung gëtt d'Unioun eng Entitéit mat bal enger halwer Milliard Awunner. Esou e politescht Gebild kann net an der Weltpolitik mat eidelen Hänn do stoen an och net mat glieserne Féiss iwwert de Globus wandelen.

Déi europäesch Aussepolitik huet sech bis elo - an dat ass ganz kloer - net terribel duerch Klorheet an Effikassitéit recommandéiert. Datselwecht gëllt fir déi europäesch Sécherheetbestriewungen um Balkan, wou mer et net fäerdeg bruecht hu verschidde Kosenge vun der europäescher Famill am Fridden ze halen. An der aktueller Irakkris ass et net Europa, wat sech mat enger Stëmm géif zu Wuert mellen, wann et drëms geet dat weidert Virgoe géigeniwwer dem Irak festzeleeën. Dës Lëscht ass quasi leider beliebeg wäit weiderzefëieren.

Et schéngt mer evident, dass d'europäesch Positioun an der Welt net nëmmen un engem Duerstellungs-, mä och un engem Substanzproblem leit. Well souguer wann - wat mir géife begréissen a wat mir eis an deene beschten Délaie wënschen - en europäeschen Aussecommissaire, dee verschiddentlech Ausseminister genannt gëtt, d'Zoustännegkeet fir d'Duerstellung vun der gemeinsamer europäescher Aussepolitik hätt, da misst hien nach eppes hu fir duerzestellen. An dat, wat do duerzestellen ass, kann hien net eleng erfannen.

An der Definitioun an an der Konzeptioun vun enger Aussepolitik vun der Unioun muss de Conseil Relations extérieures fiederféierend bedeelegt sinn, an zum Deel natierlech och den europäesche Conseil an der Zesummesetzung vun de Stats- a vun de Regierungschefen.

Mir brauchen also dréngend e qualitative Sprong an der PESC, net nëmmen an der Iwwerbréngung, mä virun allem an der Substanzfindung. A fir déi ze erreechen, schéngt et mer kloer, dass et méi en ausgepräegte gemeinsame Wëllen zu iwwerhaapt enger Aussepolitik muss an der Europäescher Unioun ginn.

Ech mengen, dass et an deem Kontext nëmme kéint sënnvoll sinn, wann de Konvent géif drop hischaffe fir der PESC e Stellewäert am Projet vum Verfassungsvertrag ze ginn, dee schonn op eng reell a faktesch méi aktiv a méi determinant Roll vun esou enger Politik an der Welt hindeit. Net nëmmen d'Aussepolitik, och d'Sécherheet an d'Verdeedegung vun der Unioun als Ganzt - mat allen Nuancen, déi een do tëschent NATO-Memberschaft an Neutralitéit vu verschiddene State muss berücksichtegen - mussen an deene kommende Joren esou verstäerkt ginn,

dass dat politescht Europa sech och militäresch ka weise loossen. Well déi Roll, déi op d'Unioun als ee vun deene groussen Acteure vun enger multipolarer Welt zumindest kann oder souguer misst zoukommen - wa se dësen Challenge meeschtert -, ka bestëmmend si fir ganz villes, wat sech zukünfteg ronderëm dat friddlecht, kooperatiivt Zesummeliewe vun alle Staten op eisem Globus kann doen.

Europa huet besonnesch Relatioune mat de Vereenegte Staten an entwéckelt där och mat China, Indien, Russland an der arabescher Welt. Et ass d'Europäesch Unioun déi quasi de ganzen Nordrand vum Mëttelmier anhélt, dee Raum deen dem Maghreb géigeniwwerläit. Eng Partie vun den aktuellen an zukünftege Memberstaten hunn traditionell Relatioune mat anere Regioune vun der Welt, déi an engem gemeinschaftleche Kader solle valoriséiert an domat gestäerkt ginn. Ech nennen nëmme Groussbritannien an de Commonwealth hei, fir déi ganz Grouss, a Malta mat senger wichteger Impulsgeberfunktioun am Mëttelmierraum an am euro-arabeschen Dialog, fir déi ganz kleng Memberstaten.

Schliesslech wëll ech op d'Modellfunktioun vun der Unioun an der Welt verweisen, déi eréischt dann op eng wierkungsvoll a gläichzäiteg équilibréiert Aart a Weis kann zur Geltung kommen, wann Europa sech definitiv inhaltlech fënnt an den Inhalt mat enger Stëmm kann dobausse vertrieden, an do gesi mer, dass dat nach e ganz wäite Wee ass. Eis Fräiheeten an eis Gesellschaftsorganisatioun, eise Wirtschaftsmodell, eis Suerg fir d'Ëmwelt, och fir d'Mënscherechter, all dat sinn Elementer déi zu Europa gehéieren a mat deenen Europa identifizéiert gëtt. Et sinn och Leitbilder fir ganz vill Staten ausserhalb vun Europa, déi dono striewe sech un engem europäeschen Entwécklungsmodell ze orientéieren.

All dës Considératiounen zesumme brénge mech dozou fir ze widderhuelen, dass déi gemeinsam europäesch Aussepolitik mat hirer sécherheetspolitescher Komponent ganz sécher dee Pilier vun der europäescher Politik ass, un deem de Succès vun der Unioun iergendeng Kéier wäert gemooss gi vun eise Partner an der Welt, mä och vun den europäesche Bierger, déi sech eng eenheetlech europäesch Roll an der Welt dacks mat vill méi Engagement an Nodrock wënsche wéi eenzel Regierungen op dësem Kontinent.

Här President, ech sinn um Schluss vu mengen Ausféierungen ukomm. Wéi ëmmer bei enger Debatt iwwert d'Europapolitik an hirer Gesamtheet, och wann et am Kader vum Konvent ass, kann een net all d'Facettë beréieren, déi de Sujet eigentlech huet, well soss all Zäitrumm géing gesprengt ginn. Ech hu probéiert d'Aarbechte vum Konvent als Ophänker ze huelen, fir op déi wichtegst vun den Erausfuerderungen anzegoen, deene mer mam Verfassungsprojet entgéint gesinn an déi ënner allen Ëmstänn déi erfollegräich Zukunft vun enger erweiderter Unioun wäerte konditionéieren.

Wéi esou dacks halen ech och aus dëser Debatt fest, dass méi Europa do, wou d'Bierger et dacks gären hätten, och am Intérêt vun engem Land wéi eisem wier. Méi Europa no bannen, fir dass et sech kann an enger definitiver Perspektiv festegen a konsolidéieren, a méi Europa no baussen, fir dass déi europäesch Stëmm an der Welt esou erkléngt wéi een et vun elo scho bal där gréisster Weltwirtschaftsmuecht eigentlech erwaarde kann.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, viru knapps engem Joer huet de Konvent seng Aarbechten ugefaangen, an deemools war jo den Ustouss d'Noutwendegkeet fir Europa méi biergerno a méi demokratesch ze maachen. Déi Europäesch Unioun ass jo haut fir vill Leit onverständlech. Bon, et muss een dat natierlech relativéieren. Vill Leit interesséiere sech och net fir déi national Politik, mä si interesséieren sech nach vill manner fir déi europäesch.

Ustouss fir de Konvent war och den Echec vun der klassescher Method vun de Regierungskonferenze fir d'Verträg ze reforméieren. Dës Method war am Gefeilschs vun den Dezembernuechten zu Nice am Joer 2000 ënnergaangen. Dass dëse Konvent méi komplizéiert géif gi wéi deen éischten, deen iwwert d'Charta vun de Grondrechter gefouert huet, doriwwer war jiddferee sech bewosst vun Ufank un. Dass dëse Konvent echt Chancen hätt ze réusséieren, war vun Ufank un net esou evident, besonnesch d'Regierunge waren éischter skeptesch am Ufank.

Elo, wou et awer zum Schluss geet, gesäit een, dass se ëmmer méi wichteg Regierungsmemberen an de Konvent schécken. Ech mengen dat ass gutt esou, well d'Konventsmethod kann nëmmen Erfolleg hunn, wann d'Regierunge kloer weise wéi wäit dass se gewëllt sinn ze goen, dass se also mussen agebonne sinn. Et ass och eng gutt Viraussetzung, wann héichgradeg Regierungsvertrieder am Konvent sinn, fir dass herno d'Regierungskonferenz selwer, déi jo den Traité muss änneren, respektiv eng Verfassung unhuelen, réusséiert.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Och mussen allerdéngs dobäi d'Regierungen, wéi alleguerten déi aner Memberen, mä besonnesch d'Regierungen, disponibel si fir nei Virschléi ze diskutéieren. Do ginn ech dem Här Wiseler absolut Recht, wat hien éineschter gesot huet: Wa mir och haut eng Resolutioun virleeë mat enger Partie Positiounen, dann ass et kloer dass een an dee Konvent nëmme ka mat engem oppene Geescht goen an oppen diskutéiere muss, fir eben zu enger Réussite ze kommen.

Här President, fir mech huet dësen Débat an onser Chamber zwee Ziler. Et ass fir d'éischt d'Méiglechkeet fir déi vun ons, déi um Konvent deelhuelen, de Bols vun der Chamber a vun de Fraktiounen ze huelen. Ech huele jo un dass d'Fraktiounen an hir Spezialiste verfollegt hunn, wat am Konvent geschitt ass, wat bei den 11 Aarbechtsgruppen erauskomm ass a wat déi Lëtzebuerger Deputéierten a Regierungsvertrieder do gesot a verdeedegt hunn. Dir fannt dat jo alles zum Beispill um Internet.

Dat zweet Zil ass ons Aarbechten no baussen ze droen, de Bierger ze soe wat do geschitt. De Konvent ass eng oppe Veranstaltung, entgéint de Regierungskonferenzen, déi ware jo hannert zouenen Dieren an do ass d'Resultat dann ëmmer enges Dags mat wäissem Damp erauskomm.

***(Interruption)***

Wäissen oder schwaarzen, dat ass egal, mä enges Dags ass déi staunend Öffentlechkeet mat den definitive Resultater konfrontéiert ginn.

***(Interruption)***

D'Vertrieder vun der Chamber an der Regierung am Konvent hate jo schonns en öffentlechen Hearing virum Summer a mir wëllen en zweeten Hearing am Abrëll organiséieren, fir vun de Bierger ze héiere wéi se déi zukünfteg Verfassung vun Europa aschätzen, vun deenen déi éischt Elementer jo elo virleien.

Mir hunn als Chamber hei eestëmmeg Resolutiounen ugeholl, fir esou vill wéi méiglech op d'Leit duerzegoen. Perséinlech sinn ech jo och ëmmer bereet an ech menge meng Kolleegen, déi am Konvent sinn, och, fir iwwert d'Aarbecht vum Konvent dobaussen ze schwätzen an ze diskutéieren. Dofir, mengen ech, musse mer awer eng Schëpp uleeën, zum Beispill andeem mir onsen Hearing iwwer ons Chambertelevisioun iwwerdroe géifen an interaktiv organiséiere géifen. An ech muss nach eng Kéier hei bedaueren op der öffentlecher Tribün, dass de Büro vun der Chamber...

Une voix.- Awer net all!

M. Ben Fayot *(LSAP).*- ...aus onerkläerlechen Ursaachen esou en Unterfange blockéiert. Ech fannen dat eigentlech skandaléis, besonnesch vun enger Majoritéit, déi jo awer Transparenz an Dialog op hire Fändel geschriwwen huet.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Fir mech, Här Weiler, ass ee vun den erfreelechen Aspekter vun der Aarbecht am Konvent de groussen Intérêt vun de gesellschaftleche Kräfte just un där Aarbecht vum Konvent. D'Gewerkschaften, d'Patronatsorganisatiounen, d'Beruffsorganisatiounen, Institutioune wéi de Conseil économique et social zu Lëtzebuerg, ONGen, europäesch an national Lobbye fir vill interessant a wichteg Uleiessen, fir d'öffentlech Déngschter, fir d'Gläichheet vu Mann a Fra, eenzel interesséiert Bierger sichen de Kontakt mat de Konventsmemberen. Elo, wou déi éischt Texter vun der neier Verfassung virleien, sinn déi Kontakter besonnesch wichteg, well mir wëlle se jo eescht huelen a mir wëllen hinne Rechnung droe bei der Aarbecht un der Verfassung. Si weisen op vill Problemer hin, déi d'Sensibilitéite vun den europäesche Bierger erëm ginn.

Här President, ech wollt fir d'éischt eng allgemeng Appréciatioun iwwert déi bishereg Resultater vum Konvent ginn. Ech menge mir sollen déi realistesch aschätzen, mä och positiv. An där Hinsicht sinn ech mat deenen Aschätzunge vum Här Wiseler d'accord.

Bekanntlech gouf et bis elo eelef Aarbechtsgruppen, déi alleguer hir Aarbecht ofgeschloss hunn, de leschte 6./7. Februar. Ech hu perséinlech un dräi vun deenen deelgeholl.

E schnellen Iwwerbléck iwwert d'Resultater vun deenen Aarbechtsgruppe weist eng Partie Fortschrëtter an deem vergaangene Joer um Wee zu méi Integratioun an zu méi Zesummenaarbecht, mä allerdéngs och eng Partie Echecen oder eng Partie hallef Erfolleger oder hallef Echecen, jee nodeem wéi een et ka soen.

Zum Beispill huet den Aarbechtsgrupp I sech ëm d'Subsidiaritéit gekëmmert, e grousst Thema fir vill Leit an Europa, dass Europa sech nëmmen ëm déi Saache soll bekëmmeren, wou et wierklech eng Plus-value an der Politik ka bréngen. Deen Aarbechtsgrupp ass zur Konklusioun komm, dass een d'Nationalparlamenter méi an de Contrôle vun der Subsidiaritéit abanne soll. Si sollen iwwer e Fréiwarnsystem d'Méiglechkeet kréie legislativ Initiative vun der Kommissioun ze kontrolléieren.

Den Aarbechtsgrupp II huet virgeschloen d'Charta vun de Grondrechter an d'Verfassung ze integréieren a se bindend ze maachen. Do wëll ech ganz kloer soen, dass dat eng laang Diskussioun war, well jo d'Charta vun de Grondrechter zu Nice eigentlech nëmmen als Deklaratioun ugeholl ginn ass. Et ass awer e wichtege Fortschrëtt, dass prinzipiell dee contraignantë Charakter vun der Charta festgehale ginn ass, allerdéngs mat enger Partie laangen Diskussiounen, besonnesch mat onsen englesche Frënn, déi fäerten dass iwwert d'Charta vun de Grondrechter déi Europäesch Unioun iwwer en heemleche Wee ëmmer méi Kompetenze kréie géif, wat allerdéngs net de Fall ass.

Den Aarbechtsgrupp III huet e wichtegen Accord fonnt iwwer eng rechtlech Perséinlechkeet vun der Unioun, där dann an Zukunft näischt méi am Wee steet fir international Verträg als sollech ofzeschléissen.

Den Aarbechtsgrupp IV huet eng Verstäerkung vun der Kontroll vun den Nationalparlamenter vis-à-vis vun den nationale Regierungen, mä och vis-à-vis vun den europäeschen Décisiounsprozesser gewënscht.

Den Aarbechtsgrupp V huet eng méi kloer Definitioun vun zousätzleche Kompetenze ginn iwwer eng méi staark koordinéiert Wirtschaftspolitik.

Iwwer eng Institutionalisatioun vum Euro-Conseil ass am Aarbechtsgrupp VI allerdéngs keen Accord fonnt ginn. Dat ass e majeurë Problem - dat wëll ech hei ënnersträichen -, well et gesäit jo ëmmer méi kloer esou aus, dass op jidde Fall déi Länner, déi eng gemeinsam Währung hunn, hir Wirtschaftspolitik an hir Budgetspolitik méi staark mussen openeen ofstëmmen.

Op d'Aussen- a Verdeedegungspolitik kommen ech nach herno kuerz zréck (Aarbechtsgruppe VII an VIII).

Den Aarbechtsgrupp IX huet eng drastesch Vereinfachung vun de Prozedure virgeschloen, déi majoritaire ugeholl ginn ass. Dat wäert eng gréisser Revolutioun an der Manéier gi wéi an Zukunft d'Legislatioun an Europa gemaach gëtt.

Den Aarbechtsgrupp X huet eng ganz Partie Fortschrëtter am drëtte Pilier fir e Raum vu Justiz a Fräiheet festgehalen.

Op d'Resultat vum Aarbechtsgrupp XI iwwer Soziales kommen ech herno nach kuerz zréck.

Insgesamt also e positive Bilan vu laangen an intensiven Diskussiounen am Konvent, déi dozou bäigedroen hunn dass de Konvent méi wéi e Sammelsurium vu ganz verschiddene Leit aus allen Häreländer ass, mä dass et wierklech elo lues a lues eng Versammlung ginn ass, an där déi Mise en réseau fonctionnéiert huet an an där sech natierlech och déi eenzel Lageren - wann ech dat emol esou ka soen - definéiert hunn.

Här President, mir hunn elo nach 18 Woche bis zum Europäesche Rot vum 20. an 21. Juni. Do soll jo den Här Giscard d'Estaing, de President vum Konvent, de Projet fir e Verfassungstext virleeën. Duerno trëtt dann d'Regierungskonferenz zesummen, déi jo eben de Constituant ass, wéi mir jo wëssen.

Dat ass ganz wéineg Zäit, wann ee bedenkt dass mir elo 16 Artikele virleien hunn, déi nach amendéiert, diskutéiert an herno konsensuell ofgeseent musse ginn. Dass vill Amendementen do sinn, dat konnt jiddfereen, deen am Konvent ass, déi lescht zwee, dräi Deeg op sengem Mail constatéieren, wou ganz Schüb vun Amendemente kommen a wou och probéiert gëtt Ënnerschréfte vu jiddferengem ze kréien.

Et stinn nach fir déi eigentlech Verfassung eppes 30 Artikelen aus an da steet jo och nach deen héich komplizéierte Réaménagement vun deene bisherege Verträg aus, déi jo mussen imbriquéiert gi mat dem eigentleche Verfassungstext. Dat ass, dat kann ee bal soen, also wierklech eng Sisyphusaarbecht.

Dobäi - dat ass trotzdeem eppes, wat ech hei och wëll ënnersträichen - ass zum Beispill d'Fro vum Euratom-Vertrag nach absolut net diskutéiert ginn. Mir wëllen eng Vereinfachung vun de Verträg maachen. Mir hunn elo zwee Verträg, dee vun der Europäescher Unioun, dee vun der europäescher Gemeinschaft - deen drëtten, dee vun der CECA ass jo elo ofgelaf -, et bleift dann nach den Euratom-Vertrag. Ech si perséinlech der Meenung, dass een dee Vertrag soll mat integréieren. Den Euratom-Vertrag gouf jo sengerzäit fir d'Förderung vun der ziviler Nuklearindustrie gemaach. Ech mengen déi Zäite sinn eriwwer. A mengen Aen op jidde Fall soll déi nei Verfassung sech ëm den Ausstieg aus der Atomenergie an ëm den Iwwergang zu erneierbaren Energiequelle bekëmmeren.

Här President, et kann een erwaarden, dass e Konsens zum Schluss erauskënnt, deen net e minimalistesche Konsens ass. Esou wéi bis elo d'Diskussiounen am Konsens verlaf sinn, bedaueren ech dass et kee Konsens iwwer vill méi, respektiv nei Kompetenze fir d'Unioun, iwwer eng méi staark gemeinsam Aussepolitik oder iwwer méi gemeinsam Kompetenze fir en eenheetleche Rechts- a Fräiheetsraum an Europa gëtt. Et gëtt och kee Konsens iwwer eng seriö Verstäerkung vun der sozialer Dimensioun vun Europa oder vun der wirtschaftspolitescher Gouvernance vun Europa, ob dat elo d'Eurozon ass oder déi Europäesch Unioun insgesamt. Nach sinn d'Divergenzen tëschent de méi integratiounsfreedege Länner an deenen, déi méi zréckhalend sinn, relativ grouss.

Groussbritannien - fir dat trotzdeem ze huelen, well ech mengen, dass et e wichtegt Element an deem Tableau ass - schafft positiv am Konvent mat. Am Verglach zu fréiere konservative Regierunge steet d'Regierung Blair offensiv fir Integratioun an, an dach féiert dat Land e Grupp vu Länner un, déi géint eng verstäerkt politesch Integratioun sinn oder op jidde Fall net esou wäit an der politescher Integratioun wëlle goe wéi d'Kärländer vun Europa oder wéi eng Partie Länner, déi viru kuerzem zu Europa zougestouss sinn.

E puer Beispiller vläicht dozou.

Eng europäesch Aussepolitik gëtt vun de Bierger verlaangt. Mir hunn dat an onse Sondagë gesinn, déi mer ënnerholl hunn, fir erauszefanne wat sinn dann déi Positiounen, déi mer als Lëtzebuerger sollen och am Konvent verdeedegen. D'Bierger wëllen, dass Europa eng Stëmm am Interesse vu Multilateralismus an der Welt erhieft.

Eng europäesch Verdeedegungspolitik, geschweige denn eng europäesch Verdeedegung, gëtt et nach net. Dat huet natierlech och domat ze dinn, dass eelef vu 15 EU-Länner an der NATO sinn an dass ons amerikanesch Frënn fäerten, esou eng Politik géif d'Bindung vun Europa mat den USA schwächen, obschonn se op där anerer Säit wënschen dass Europa méi fir seng eege Verdeedegung maache soll.

Sou ze soen all Bäitrëttslänner, ech mengen, well mer an engem Konvent si wou mer zu 28 sinn, also 15+13 an net nëmmen 15, muss een och iwwer d'Bäitrëttslänner schwätzen. Sou ze soen all Bäitrëttslänner stinn an där Hinsicht méi no zu den USA wéi zu der Europäescher Unioun. Polen, en zukünftege sougenannte grousse Memberstat, mat 38 Milliounen Awunner, ass de beschten Alliéierte vun den USA a kuckt fir seng Verdeedegung no Amerika, an net esou séier no Europa.

An dat muss een hei och soen, Här President. Dat wat mühséileg an der Aussepolitik an de leschte Jore säit Maastricht opgebaut gouf, ass an deene leschten Deeg zerbrach. An deen Artikel, deen den Här Wiseler elo éinescht virgelies huet, dat ass den Text vu Maastricht, also vun 1992, also virun zéng Joer.

Krich a Fridden, Här President, am Noen Oste scheeden d'Geeschter an Europa. No dem schwierege Kompromëss zu der Irak-Fro vum

27. Januar am Ausseministerrot, hunn den 30. Januar aacht Länner, dovunner fënnef EU-Memberlänner an dräi Bäitrëttslänner, hir Verbonnenheet mat den USA ausgedréckt, an datselwecht hunn déi zéng Vilniusstaten de 5. Februar an engem Appel gemaach. Weder déi griichesch Présidence, nach den Här Solana, nach soss iergendeen, war au Courant gesat ginn. All Kanäl sinn op eemol zesummegebrach. An ech mengen, dat ass eng Katastroph fir d'Glafwierdegkeet vun der Europäescher Unioun vis-à-vis vun Amerika an och vis-à-vis vun der Welt.

Besonnesch bedaueren ech, dass gestanen EU-Memberstaten de Bäitrëttslänner de Wee gewisen hunn, wéi een an Zukunft déi politesch Beméiung fir eng gemeinsam aussepolitesch Haltung sabotéiere kann.

En anert d'Beispill, Här President, ass déi sozial Dimensioun vun Europa. Den zoustännegen Aarbechtsgrupp huet de 6. an de 7. Februar seng Aarbecht ofgeschloss. Positiv ass, dass bei de Wäerter, op déi d'Europäesch Unioun soll grënnen, d'sozial Gerechtegkeet, d'Solidaritéit, d'Gläichheet, och déi vu Mann a Fra, festgehale goufen. Bei den Objektiver ass et wichteg, dass Vollbeschäftegung, sozial Gerechtegkeet, Développement durable, déi sozial Maartwirtschaft, an net einfach d'Economie de marché, zréckbehale goufen. Dat sinn also, wann Der wëllt, verbal Avancéeën, mä et sinn trotzdeem Avancéeën an der Prise de conscience vun de Politiker.

Wat d'Kompetenzen um soziale Plang ugeet, esou gouf festgestallt, dass déi bestehend géifen duergoen. Dat war de minimale Konsens. Just iwwert d'öffentlech Gesondheet, Artikel 152, sollt d'Kompetenz e bëssen ausgebaut ginn, fir international grenziwwergräifend sanitär Problemer kënnen ze léisen, an och festgehale ginn, dass den Artikel 16 iwwer öffentlech Déngschtleeschtungen ëmgeännert gëtt, fir dass d'Europäesch Unioun do méi aktiv kënnt ginn.

Mä wat d'Majoritéitsbeschlëss um soziale Plang ugeet, esou soll de Kompromëss vun Nice erhale bleiwen, obschonns, muss ech soen, eng grouss Partie vun de Membere vun der Konventioun fir méi Majoritéitsbeschlëss wéi bis elo op deem Plang waren.

Dir gesitt also, wann een dat am Detail kuckt, dass wuel eng Partie Avancéeë sinn, mä dass och trotzdeem nach gréisser Blocagë si fir dat ze maachen, wat awer vill Bierger dobausse verlaangen.

Här President, et gëtt eng kloer Trennung tëschent formalen Aspekter a realpoliteschen Aspekter. De Konsens ass grouss, d'Europäesch Unioun méi visibel, méi demokratesch, méi einfach ze maachen, se dem Bierger méi no ze bréngen. Mä de Konsens ass kleng, wann net inexistent, fir Deeler vun der nationaler Souveränetéit an der Aussepolitik, an der Verdeedegungspolitik, an der Justizpolitik, oder bei der Bekämpfung vun der internationaler Kriminalitéit an der sozialer Wirtschaftspolitik zesummen ze leeën, a mat gemeinschaftleche Mëttelen, Methoden zesummen ze géréieren.

Meng Befierchtung, an dat muss een an dësem Punkt vun der Diskussioun och am Konvent gesinn, ass, dass fir vill al, mä besonnesch och nei Länner vun der Europäescher Unioun, d'Europäesch Unioun éischter e Supermarché ass, an deem se déi beschte Stécker an hire Kuerf fir hir national Interesse leeën. Mä d'Iwwerzeegung, dass d'Europäesch Unioun e politescht Instrument fir de Fridden, fir d'Zesummenhalen, fir gemeinsam Wäerter anzestoen, ass oft nëmmen hallefhäerzeg bei munche Länner. Ech mengen awer, mir kommen net derlaanscht no méi Integratioun ze sichen, well eleng si mir Lëtzebuerger, mä och vill europäesch Länner, an ech menge se alleguerten, sécherheetspolitesch, aussepolitesch am Kampf géint d'international Kriminalitéit oder vis-à-vis vum sozialen Dumping oder dem wirtschaftleche Protektionismus verluer. An ech mengen, och do nëmmen eng staark europäesch Politik op deene Gebidder mécht onst Land, grad esou wéi déi aner, staark a garantéiert ons Existenz.

Här President, ech wollt dann e puer Wuert soen zu deem augenbléckleche Stand an och zu enger Partie Punkten, déi am Zesummenhank mat deene 16 Artikele sinn, déi an der Verfassung dra stinn, déi de Konventspresidium virgeluecht huet.

1. Den Här Wiseler huet schonn den Artikel 1 ernimmt, en huet en och virgelies, an do kënnt dann direkt schonn deen Aspekt, wat dann elo d'Grondlag vun der Verfassung ass. Mat him sinn ech d'accord, dass et engersäits d'State sinn, anerersäits d'Vollek vun Europa wéi et dra steet, les peuples d'Europe, an ech sinn och mat him d'accord, dass et sécher och Bierger vun Europa sinn, déi d'Grondlag vun der Verfassung sinn.

D'Unioun ass also net eleng eng Organisatioun vu Staten, mä och a virun allem vu Bierger, vu Mënschen, déi iwwert d'Grenze vum Nationalstat eraus zesummeschaffe wëllen.

Dir wësst, dass et och nach eng Diskussioun iwwert den Numm vun der Unioun gëtt. Ech mengen zwar, dass déi Diskussioun scho bal duerchgestanen ass. Déi meescht sinn dofir, dass et Unioun bleiwe soll, muncher hate vu Communauté européenne geschwat. Perséinlech hunn ech am Fong geholl näischt géint deen Ausdrock, mä ech mengen, mir sollten d'Schwieregkeeten net siche goen a bei deem Numm bleiwen, dee mer hunn.

Da gëtt och an deem éischten Artikel ugedeit, dass Europa no zwee Modeller fonctionnéiert, engersäits dee vun der Koordinatioun vun de Politike vun de Staten, an dee vun der Zesummeleeung vu verschiddene Kompetenzen no engem federale Modell, an natierlech wësse mer, dass dësen Ausdrock verschiddene Länner an och verschiddene politesche Gruppéierungen am Hals stieche bleiwen. Ech mengen awer, dass federal Elementer elo schonn an der Europäescher Unioun sinn an dass weider federal Elementer mussen erakommen, fir de Fonctionnement vun der Unioun ze verbesseren.

2. Am Zesummenhank mat deene 16 Artikelen: D'Charta vun de Grondrechter soll Bestanddeel vun der Verfassung ginn, nom Artikel 5. Op steet nach d'Fro, ob de ganzen Text an d'Verfassung selwer integréiert gëtt oder an en annexéierte Protokoll. Ech si perséinlech ëmmer der Meenung gewiescht, dass dee wichtegen Text vun der Charta am eigentlechen Text vun der Verfassung soll stoen. Op jidde Fall muss iergendwou dee ganzen Text erschéngen, wa mer jo och déi Verfassung wëlle lisibel fir de Bierger maachen. Dozou gehéiert och an deem Artikel 5, dat ass den zweeten Alinéa, dass d'Unioun sech soll un d'Mënscherechtskonventioun uschléissen, d'Europäesch Unioun als solch. Ech mengen et soll een och d'Méiglechkeet opmaachen, dass d'Europäesch Unioun an Zukunft un eventuell neien internationale Konventioune kann deelhuelen, déi an déiselwecht Richtung ginn.

3. Här President, een drëtte Punkt, eng schaarf Reaktioun géint d'Verfassungspropositioun koum vun der kathoulescher Kierch, vu gewësse Kreesser ronderëm d'kathoulesch Kierch, déi am Virfeld d'Campagne fir eng reliéis Referenz gemaach haten. Ech erkläre firwat ech géint eng reliéis Referenz an enger zukünfteger Verfassung sinn.

Éischtens wëlle mer Europa net als e chrëschtlechen oder esouguer als e kathoulesche Club identifiéieren. Et gi vill Reliounen an der Europäescher Unioun praktizéiert, déi alleguer respektabel sinn. An et gëtt Leit, déi u kee Gott gleewen an hir Wäerter aus enger laizistescher Grondhaltung eraus sichen. Et geet drëm déi verschidden Usiichten ze respektéieren. Et geet drëm Europa zesummen ze halen, an net no reliéise Clivagen ze deelen.

Zweetens sinn ech aus Grënn vun der Subsidiaritéit der Meenung, dass d'Verhältnis vum Stat zur Relioun eng national Problematik ass, a keng europäesch, mat där all Land natierlech verschidden ëmgeet. Et gëtt zum Beispill keng reliéis Referenz an der Lëtzebuerger Verfassung. Ech gesinn net an, firwat dass esou eppes an der europäescher Verfassung stoe soll. Ech mengen, d'Verhältnis vum Statswiesen zu Gott an zu der Kierch ass jee no de Länner verschidden. Si ass ganz staark a Polen, si ass an anere Länner inexistent. Et ass also eng Fro vun der Subsidaritéit, eng Fro vun all eenzelne Stat.

Drëttens hu mer och an der Charta vun de Grondrechter, Artikel 10, wéi och an der europäescher Mënscherechtskonventioun d'Toleranz an de Respekt fir de reliéise Glaf an all Iwwerzeegung kloer festgehalen. Esou och am Artikel 2 vum virgeschloene Verfassungstext.

Véiertens: Här President, den Artikel 8 behandelt déi fundamental Prinzipie vun der Verfassung. Ee wichtegen ass dee vun der Subsidiaritéit. D'Hidder vun der Subsidiaritéit solle jo d'national Parlamenter sinn. Si sollen am Virfeld vun engem legislative Prozess ënnersichen, ob en europäescht Gesetz net d'Kompetenze vun der Europäescher Unioun iwwerschrëtt. Si kënnen den Usproch erhiewen an esouguer herno beim Geriichtshaff kloen. Dat ass op jidde Fall dat, wat den Aarbechtsgrupp proposéiert hat, wat net esou a Fro gestallt ginn ass, mä wat awer diskutéiert gëtt, fir herno beim Geriichtshaff ze kloen, wa se net nogelauschtert kruten. Dat wäert, wéi mer scho gesinn hunn, nei Erausfuerderungen, och fir d'national Parlamenter, op jidde Fall fir eng Partie, déi dat bis elo nach net esou intensiv gemaach hunn, bréngen.

Fënneftens: Den Artikel 8 seet och, dass d'Unioun nëmmen am Kader vun de Kompetenzen däerf ze handelen, déi se expréssement duerch d'Verfassung attribuéiert kritt. Eng fundamental Neierung ass d'Kloerstellung vun de Kompetenze vun der Europäescher Unioun. Well dëst ass e wichtegt Uleies fir d'Europäesch Unioun méi kloer a méi liesbar fir d'Bierger ze maachen. Esou geet Rieds vun exklusive Kompetenzen a vu gedeelte Kompetenzen.

Exklusiv Kompetenze sinn déi, déi d'Europäesch Unioun eleng verwalt: d'Zollunioun, d'gemeinsam Handelspolitik, d'Geldpolitik fir d'Eurozon. Gedeelte Kompetenze gi vun der Unioun a vun de Memberstate verwalt: de Bannemaart, e Recht vu Raum a Fräiheet, d'Landwirtschaft an esou weider. Da gëtt et ënnerstëtzend Aktiounen iwwerall do wou d'Europäesch Unioun Aktiounen a Programmer ofwéckelt, ouni d'Souveränetéit vun de Staten ze beeinträchtegen. Dozou gehéiert zum Beispill d'Kultur, an ech hu gelies, dass d'Madame Reding, d'Kommissärin, elo wëllt Amendementer virbréngen, fir déi kulturell Dimensioun vun Europa ze betounen, wat ech perséinlech op jidde Fall kënnt approuvéieren.

Et gëtt, contrairement zu deem wat am Ufank gefrot gi war, keng zoue Lëscht vu Kompetenze fir d'Unioun, mä et gëtt eng konzeptuell Ofgrenzung vu Kompetenzen, an et gëtt weider eng Flexibilitéitsklausel. D'Méiglechkeet, mengen ech, muss bestoe bleiwen, jee no der Interesselag, nei Initiativen ze huelen. D'Europäesch Unioun muss eppes Dynamesches bleiwen, wat net ee fir allemol figéiert ass. Si muss och reaktiounsfäeg bleiwen op dat wat an der Gesellschaft geschitt.

Här President, drëtt a lescht Partie: Wéi geet et elo virun? Ech mengen, wichteg Aarbechte stinn dem Konvent bevir. Dozou gehéieren institutionell formal, mä och inhaltlech Froen. Ech wëll hei eng Partie institutionell Froe kuerz beréieren, déi jo nach am Floss sinn.

Ech mengen d'Fro vun der politescher Muecht an der Europäescher Unioun steet onausgesprach hanner all institutioneller Fro. Dëst ëmsou méi wéi d'Erweiderung, d'Majoritéitsverhältnisser tëschent klengen a grousse Länner, mä virun allem tëschent Länner mat verschiddene geopoliteschen Interesselagen ännert.

Froe wéi déi vun engem President vun der Unioun hu machtpolitesch Bedeitung. Wann iwwert de Wee vun engem stännege President vun der Unioun den europäesche Rot als Institutioun ausgebaut gëtt, da schwächt dat déi aner Institutiounen, da verännert dat d'Gläichgewiicht tëschent Rot, Kommissioun a Parlament.

Den Europäesche Rot, do wëll ech drun erënneren, ass jo am Ufank 1975 iwwerhaapt keng Institutioun gewiescht. Et war e labbert Gespréich beim Kamäifeier, oder sollt et op jidde Fall sinn, vu Stats- oder Regierungschefen. Den Artikel 4 vum Vertrag vun der Europäescher Unioun seet, de Conseil européen soll Impulser ginn, mä no an no, am Laf vun der Zäit, huet jo den europäesche Rot ëmmer méi u sech gerappt. Haut bekëmmert e sech ëm d'Wirtschafts- an d'Aarbechtmaartpolitik, ëm Aussepolitik, ëm Mënscherechter, ëm Sëtzpolitik, ëm d'Revisioun vun de Verträg, an dat alles a relativ kuerze Sitzungen zweemol am Semester, heiansdo och nach eng extra Sitzung dobäi, wann et ëm eng wichteg aussepolitesch Fro geet, wéi nächste Méindeg.

Ech mengen, den Europäesche Rot soll d'Strategie festleeën. E soll och wesentlech Froe behandelen an en huet wesentlech Duerchbréch an de leschte Jore fäerdegbruecht, mä ech mengen an deem Konzept wou den Europäesche Rot déi Strategie festleet an déi wichteg Impulser gëtt, brauch e kee permanente Virsëtz, mä e brauch eigentlech e Président de séance.

An déi, déi e permanente Virsëtz froen, wëllen aus dem Europäesche Rot eng nei Institutioun mat enger neier Verwaltung maachen. An doduerch gëtt dat institutionellt Gläichgewiicht geännert. Et schéngt, menger Ansicht no, wéi wa besonnesch déi grouss Länner op den Europäesche Rot géife setzen. Et freet ee sech allerdéngs, dat wëll ech hei a Klammeren dobäi soen, wéi de President vun der Unioun ausgesinn hätt, wann ëm dat geschitt wär, wat elo an der Irakkris an der Europäescher Unioun geschitt ass.

De Ministerrot, also ech schwätzen elo net vum Europäesche Conseil, mä ech schwätze vum eigentleche Ministerrot, dat gesäit jiddfereen an, soll sech besser organiséieren. Ech mengen een Aspekt dovunner, dee jo allgemeng unerkannt ass, ass d'Trennung vu legislativen an exekutive Fonctiounen, wat vläicht an der Realitéit net esou einfach ass wéi et gesot gëtt. En aneren ass och dee vun der Kontinuitéit an der Effikassitéit.

Elo stellt sech natierlech d'Fro vun der Présidence anescht wéi beim Europäesche Rot, an do kann een zum Beispill den zoustännege Kommissär President vun engem sektorielle Conseil maachen. A wann en europäeschen Ausseminister décidéiert gëtt, da kann deen de Ministerrot fir déi international Relatioune presidéieren. E gëtt do vill Modeller, mä ech menge schonn dass et am Intérêt vum Conseil wär, dee jo den Hidder vun den nationalen Interessen ass, wann dee sech méi straff géif organiséieren.

Mir hunn de Moien den Här Goerens hei gehéiert, wéi e sech Gedanke gemaach huet iwwert d'Entwécklunspolitik an Europa, a wéi e bedauert huet, dass am Kader vun der Reform vum Ministerrot zu Sevilla esou sektoriell Conseilen, wéi de Conseil de développement, ofgeschaaft gi sinn am Kader vun der Straffung vun der Aarbecht. Ech menge schon, dass der Weisheit letzter Schluss nach net fonnt ginn ass fir de Conseil des Ministres besser ze organiséieren an all de Besoinen ze entspriechen.

En anere Virschlag betrëfft och erëm de President vun der Unioun, als Kapp esouwuel vum Europäesche Conseil wéi vun der Kommissioun zugläich. Dat ass eng Iddi, déi am Konvent dorëmmer geeschtert. Doduerch soll dann d'Géinteenee vu Conseil a vu Kommissioun iwwerwonne ginn. Ech froe mech allerdéngs, ob dat eng gutt Léisung ass, well de Conseil vertrëtt jo déi national Interesse vun de Memberstaten, d'Kommissioun vertrëtt d'Interesse vun der Unioun, ass d'Gardienne des traités.

A schliesslech geet et och nach ëm d'Manéier wéi de President vun der Kommissioun bestëmmt gëtt. Villes schwätzt dofir. Ech sinn och där Meenung, dass en duerch d'Europaparlament soll gewielt ginn, an dann duerch den Europäesche Conseil bestätegt gëtt. Déi wesentlech Fro allerdéngs, Här President, stellt sech wann d'Parlament en cours de législature kee Vertraue méi an dee Kommissiounspresident huet. Wann also duerch e Mësstrauensvotum de President ofgewielt gëtt, da sinn ech der Meenung dass d'Parlament, dat jo dann de Contrat de législature mat dem Kommissiounspresident brécht, och misst opgeléist ginn a virun de Wieler trieden, wa mer an der Logik vun esou engem Prozess sinn.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Wat d'Zesummesetzung vun der Kommissioun ugeet, esou gëtt et weitgehend Zoustëmmung am Konvent den Ableck fir all Land e Commissaire ze loossen, op jidde Fall am Ufank vun der Erweiderung.

E weidere Punkt ass och d'Fro, ob d'Majoritéitsbeschlëss solle weider ausgebaut ginn oder esouguer verallgemeinert ginn. A well mir wëssen, dass, wa 25 Länner an der Europäescher Unioun sinn, iwwerall do wou Eestëmmegkeet noutwendeg ass, keng Décisioun méi wäert geholl ginn - dat musse mir hei ganz kloer gesinn -, stellt sech d'Fro also, ob d'Vetosrecht ganz oder deelweis verschwanne soll. Mir sinn ons eens, dass d'Revisioun vun der Verfassung an Zukunft eestëmmeg soll geschéien, mä et wär interessant ze ënnersichen, ob een a sensibele Froen, wéi zum Beispill der Steierharmoniséierung oder der Schafung vun enger neier europäescher Steier, ech schwätzen hei net vum nationale Steierrecht, oder och a Verdeedegungsfroen, amplaz Eestëmmegkeet net eng Majoritéit virgesi kënnt ginn, eng extra Majoritéit, zum Beispill dräi Véierel vun de Memberstate mat zwee Drëttel vun der Populatioun. Dat sinn Iddien, déi am Konvent diskutéiert ginn.

***(Interruption)***

Ech fannen et eng gutt Saach fir d'Eestëmmegkeet weitgehend ofzeschafen, well wa mir zu 25 sinn, wéi ech gesot hunn, mer an deene Gebidder keng Décisioun a kee Fortkommes méi kréien.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Très bien.

Ech deelen déi Meenung awer eréischt zënter dass mer en Accord an der Zënssteierfro hunn.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ech mengen där wären et der vill zu Lëtzebuerg, Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Ech hoffen, dass dat ökumenesch gedeelt ass an alle Parteien.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech wollt och nach drun erënneren, dass et d'Méiglechkeet vun der verstäerkter Zesummenaarbecht gëtt. Dat däerf een net vergiessen, wann et wierklech an Europa soll zu zwee Lager kommen, déi eng déi méi integrationsfreedeg sinn, an déi aner déi et manner sinn.

Insgesamt, an ech kommen domat zum Schluss, ass den Agenda fir déi nächst zwee Joer jo voll gepaakt. Mir musse bis den 20. Juni 2003 de Konvent ofschléissen, duerno kënnt d'Regierungskonferenz. Wéi séier dass déi ofgeschloss gëtt, dat steet an de Stären. Da muss déi nei Verfassung an alle Länner ratifizéiert ginn a mussen déi Traités d'adhésion jo och nach an deenen eenzelne Länner ratifizéiert ginn.

Fir ofzeschléissen an zesummenzefaassen, sechs kuerz Punkten:

1. Als Konventsmitglied wëll ech e Maximum vun Zesummenaarbecht mat de Bierger, mat den ONGen, de Gewerkschaften an interesséierten Institutiounen.

2. Ech wëll eng Stäerkung vun allen europäeschen Institutiounen am Respekt vum Gläichgewiicht tëschent Rot, Kommissioun a Parlament.

3. Ech wëll keng nei Institutioun, a fir den Ableck op jidde Fall wëll ech kee President vun der Unioun an och kee Congrès des peuples.

4. Ech wëll, dass Europa d'Mëttele kritt fir de Fridden an d'Sécherheet vun Europa ze garantéieren.

5. Ech hätt gären, dass de Sozialmodell, deen an Europa herrscht, an déi öffentlech Déngschter an der Erzéiung, der Kultur, der Gesondheet am Zäitalter vun der Mondialisatioun erhale bleiwen an entwéckelt ginn.

6. Ech wënsche mer, dass d'Lëtzebuerger Parlament sech intensiv mat dëse Froe beschäftegt.

Här President, ech wollt dann awer, fir ofzeschléissen, eng Resolutioun - ech soe wuel vermierkt eng Resolutioun - virleeën, déi vum Här Helminger, der Madame Wagener, dem Här Wiseler, dem Här Krecké a mir ënnerschriwwe ginn ass. Dräi vun deene véier Konventsmitglieder hunn déi mat ënnerschriwwen. Et ass eng Resolutioun, déi sech un d'Parlament wennt an déi soll d'Positioun vum Parlament och dem Konvent vis-à-vis kloer maachen. Mir verstinn déi Resolutioun als e Beitrag un d'Aarbechte vum Konvent. A wann d'Chamber d'accord ass fir se unzehuelen, da schécke mer se un de Konvent als Document de travail.

Ech soen Iech merci.

***Résolution 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les acquis importants obtenus dès à présent par la Convention sur l'avenir de l'Europe;*

*- considérant la contribution des gouvernements du Benelux;*

*- considérant le mandat de la Convention pour rendre l'Union européenne plus démocratique, plus transparente et plus efficace dans son fonctionnement;*

*- considérant la nécessité de simplifier le fonctionnement de l'Union;*

*- souhaitant que la réforme entreprise contribue au rapprochement entre les institutions européennes et les citoyens européens, ainsi qu'à une plus grande adhésion de ces derniers au projet européen;*

*- saluant l'approche de nature constitutionnelle destinée à renforcer la communauté de valeurs qui unit les citoyens européens;*

*- souhaitant instamment que la Convention réussisse pleinement dans sa tâche ambitieuse, afin de permettre à l'Union de relever les défis de l'élargissement et de la mondialisation;*

*- fermement attachée au principe de l'égalité des Etats membres;*

*quant aux objectifs généraux:*

*1. est d'avis que l'Union joue un rôle important sur la scène internationale et se rallie à la position majoritaire au sein de la Convention qui demande une politique étrangère et de sécurité commune, visant une plus grande efficacité et cohérence de l'action extérieure de l'Union européenne;*

*2. se prononce pour la réalisation d'un espace de sécurité, de liberté et de justice dans l'intérêt des citoyens européens;*

*3. demande que le modèle social, une gouvernance économique européenne, le développement durable et l'égalité des femmes et des hommes soient des objectifs à poursuivre dans tous les champs politiques;*

*quant aux questions institutionnelles:*

*4. juge essentiel de sauvegarder l'équilibre entre les trois institutions politiques - Conseil, Commission, Parlement - tout en renforçant chacune d'elle pour augmenter son efficacité;*

*5. exprime avec force son attachement à la méthode communautaire qui permet d'assurer l'égalité des Etats membres et comporte le recours au principe de majorité qualifiée et l'action conjointe du Conseil, de la Commission et du Parlement européen;*

*6. estime que le Conseil européen devrait à l'avenir se concentrer sur son rôle d'impulsion et sur les questions stratégiques essentielles;*

*7. plaide pour la réforme du Conseil des ministres, afin de distinguer la fonction législative et la fonction exécutive;*

*8. soutient la création d'un ministre des Affaires européennes ayant la fonction de Vice-président de la Commission et assurant la présidence du Conseil Relations extérieures, disposant de deux mandats, l'un conféré par le Conseil, l'autre par la Commission;*

*9. souligne la nécessité d'assurer un contrôle parlementaire sur le plan tant national qu'européen sur toutes les matières de politique étrangère et de défense;*

*10. juge indispensable que le Parlement européen, ensemble avec le Conseil dans sa fonction législative, devienne un législateur à part entière, y compris en matière budgétaire;*

*11. rejette l'idée d'une présidence du Conseil européen choisie en dehors du Conseil;*

*12. considère le système de la rotation semestrielle de la présidence du Conseil européen comme positif pour donner à chaque Etat membre l'occasion de s'impliquer pleinement dans les affaires de l'Union;*

*13. est ouverte à des réformes du système de la présidence du Conseil des ministres permettant d'assurer la continuité et la stabilité des conseils sectoriels et propose en particulier d'attribuer la présidence du Conseil Affaires générales au président de la Commission;*

*14. souligne l'importance d'assurer une plus grande participation des Parlements nationaux aux travaux de l'Union européenne;*

*15. déclare sa volonté, dans les efforts déployés pour renforcer la légitimité démocratique de l'Union européenne, à consolider ses propres instruments de contrôle du gouvernement en matière de politique européenne;*

*16. appuie à cet égard l'idée d'un contrôle de la subsidiarité ex ante à assurer par les Parlements nationaux, sous la forme d'un mécanisme d'alerte précoce;*

*17. n'est pas convaincue de l'utilité de la création de nouvelles institutions, tel que le Congrès des Peuples d'Europe, qui risque de devenir une 3e chambre à côté du Conseil et du Parlement européen;*

*18. propose de retenir le principe de la Convention pour la préparation de futures modifications de traité;*

*19. charge ses représentants à la Convention de transmettre la présente résolution en tant que contribution de la Chambre des Députés aux travaux de la Convention.*

*(s.) Ben Fayot, Paul Helminger, Jeannot Krecké, Renée Wagener, Claude Wiseler.*

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Paul Helminger agedroen. Den Här Helminger huet d'Wuert.

M. Paul Helminger *(DP)*.- Här President, et gëtt Momenter wou et engem ka baang sinn ëm Europa, wann een erlieft wat an deene leschte Woche sech zum Beispill ronderëm de potenzielle Konflikt am Irak entwéckelt huet, déi Zerstriddenheet, déi Oneenegkeet, net nëmmen tëschent de Länner vun der Unioun, mä, wann ech déi Debatten hei am Haus verfollegt hunn, och hei an eiser eegener Innenpolitik.

Wann ee gesäit wéi an dësem Moment den Euro zwar staark ass, mä eis Wirtschaft schwaach ass, wou mer eis dach ëmmer gebretzt hunn, dass, wa mer och scho kee politesche Ris sinn, dann awer wéinstens e wirtschaftleche Ris wären, wa mer gesinn dass d'Erweiterung no Oste virun der Dier steet, déi sécherlech d'Beschlossfaassung an der Unioun net méi einfach wäert maachen, wéi gesot, da kann et engem vläicht baang ginn ëm d'Zukunft vun deem Europa. Mä et schéngt mer trotzdeem, vläicht nëmme just well ech en onverbesserlechen Optimist sinn, dass mer eis eigentlech trotz all deenen, wann och dramateschen Oneenegkeeten, awer dach iwwert dat Wesentlecht hei an Europa eens sinn.

Mir hunn dat Europa virun iwwer 50 Joer mat gegrënnt, well mer der Meenung waren, dass et deen eenzege Moyen wär fir e Krich an Europa ze verhënneren. Mir sinn eis, mengen ech, nach ëmmer eens, dass mer eis wirtschaftlech an och eis sozial Entwécklung zesumme wëlle gestalten, dass mer frou sinn dass eis Bierger sech kënnen an Europa fräi beweegen, an enger Unioun déi d'Identitéit an déi fundamental Gläichheet vun de Memberstate respektéiert a wou an engem och europäesche Rechtsstat deem Eenzelne seng Rechter protégéiert sinn.

Mir streiden eigentlech, wann ee sech dat esou iwwerleet, iwwer Froen, déi mer eis nach viru 15 Joer héchstwahrscheinlech iwwerhaapt net hätte brauchen oder net däerfen ze stellen zur Zäit vum kale Krich. Bei all där Oneenegkeet besteet iwwregens och, dat d'Gefill hunn ech jiddefalls, bei deenen Allermeeschten d'Gefill, jo esouguer d'Gewëssheet, dass mer eigentlech zesummen, wat ëmmer mer erreeche wëllen, et besser géingen erreechen. An deem Sënn ass de Konvent vläicht och een neien Ufank. E Schluss, wann ech dat emol burschikos däerf ausdrécken, mam Gebastels vun deene leschte Joren, wou ëmmer erëm probéiert ginn ass, ouni sech déi fundamental Froen iwwert d'Zilsetzung an d'Funktionéiere vun der Unioun ze stellen, dat wat mir geierft hate vun enger Communautéit déi mer zu sechs ugefaangen hunn, och nach eriwwer ze retten an eng Communautéit vu 15 a mar vu 25 a méi, e Moyen also fir d'Dier opzemaache fir vläicht e bësse méi resolut wéi eng Conférence intergouvernementale dat hätt kënne maachen, nei Weeër ze sichen.

Ech muss an deem Sënn de Courage vun de Regierunge bewonneren, déi zu Laeken dee Konvent hei an d'Liewe geruff hunn, well menger Meenung no, a meng Virriedner hunn och schonn ähnlech Gedankegäng gefouert, ass deen Exercice net ouni Risiken. Et fänkt u bei der Zesummesetzung vun deem Konvent, déi jo, an dat freet eis, ënnert de Länner paritätesch ass, an deen een esou vill wéi deen anere konnt Vertrieder vu sengem Parlament, Vertrieder vun der Regierung dohinner schécken. Et fält och op, dass de Gros vun de Vertrieder Parlamentarier sinn, wat dann de Parlamentarier, deen ech haut sinn, och freet, an de gréissten Deel dovunner Vertrieder vun den Nationalparlamenter, plus e gutt Stéck Vertrieder vum Europaparlament. Et muss een allerdéngs wëssen, dass dee majoritäre Grupp vu Parlamentarier do, jiddfereen aus senger Siicht eraus, frustréiert ass. Déi national Parlamentarier well se d'Impressioun hunn, si hätten näischt méi ze soen, an d'Europaparlamentarier well se d'Impressioun hunn, si hätten nach net genuch ze soen. Als Grondtoun ass do jiddefalls genuch Zündstoff dran, genuch Dynamik dran, fir dass dee Konvent also géing wëllen u Verschiddenes rësele goen, wat bis elo als unantastbar gegollen huet.

An dann d'Methodë vum Konvent iwwert déi och scho geschwat ginn ass, iwwert déi ech mech och net wëll nach weider laang ausbreeden.

Dann de Presidium, deen zesumme gesat ass, wéi en et eben nun ass, mat dräi Leit un der Spëtzt, déi vun de Regierunge bestëmmt gi sinn, an dann awer duerno eng Rei Vertrieder, déi aus dem Konvent selwer eraus derbäi komm sinn, déi fatalerweis, besonnesch mat deem extrem kuerzen Zäitraum deen de Konvent huet fir seng Aarbechten ofzeschléissen, muss eng féierend Roll iwwerhuelen, wou dann de Konvent muss drop reagéieren, woubäi et dann deem Presidium operluecht ass fir festzestellen, well jo net ofgestëmmt ka ginn, wat dann elo dee Konsens ass, dee sech aus deenen Diskussiounen erausschielt, e Konsens selwer, deen nach net richteg weess wou e sech soll usidelen a wou och, direkt nodeem déi éischt puer Artikelen op de Dësch koumen, scho mat deene berühmte bloe Kaarten deen een oder anere sech zu Wuert gemellt huet, fir ze soen en hätt awer d'Impressioun, dass an deenen Artikele munches géif dra stoen, wat eigentlech net dee Konsens wär esou wéi hien e verstanen hätt, oder si e verstanen hätten, deen aus de Groupes de travail, aus den Diskussiounen an der Plénière hätt sollen erauskommen. Bref, do sinn nach Diskussiounen déi op eis duerkommen.

Ech wëll och haut net déi eenzel Artikelen, déi schonn um Dësch leien, kommentéieren. Ech menge wierklech déi Constitutioun soll - dat schéngt jo festzestoen - eng Kéier zwee Deeler kréien: ee méi fundamentalen, forcément méi allgemengen Deel, vun deem ech emol ausginn, dass dat deen ass vun deem de President Giscard d'Estaing gären hätt, dass „un lycéen pourrait le lire facilement", an dann hannendrun en zweeten Deel, dee forcément dann der ganzer Komplexitéit vun der Europäescher Unioun géing Rechnung droen, mä wou awer wuel munches wäert dra stoen, wat eis misst erlaben herno ze soen, ob déi méi allgemeng Formuléierungen an deem éischten Deel dann elo am Endeffekt akzeptabel sinn oder net.

Wa mir deen Débat haut hei féieren, Här President, dann ass et, well mer als Konventsmitglieder der Meenung waren, als Är Delegéierten am Konvent, dass mer lech éischtens missten dach en Zwëschebericht ginn iwwert dat wat am Konvent gelaf ass, mä awer och dass mer Iech sollten nolauschtere fir dat wat Dir eis sot, fir ze kucken inwiefern een dat kann an d'Debatten zu Bréissel afléisse loossen. An ech géif wéinstens an deem Sënn gäre mech de Wierder vu mengem Virriedner, dem Ben Fayot, uschléissen, dass mer op alle Fall, och wann et sech leider nach eng Kéier net esou perfekt wäert ofspille wéi mer eis dat erhofft haten, mat der Société civile den Dialog awer net wäerten opginn an zumindest en Hearing organiséieren, an der Hoffnung dass en awer, wann en och net ka wäit no bausse gedroe ginn, da wéinstens hei net hannert verschlossenen Diere stattfënnt.

Wat huet de Konvent bis elo gemaach? Säin Zil ass et jo Texter aus deene verschiddenen Traitéen an deene villen Décisiounen, déi am Laf vun deene leschte Jorzéngten zu Bréissel geholl gi sinn, an engem vereinfachten Texte de base ze vereenegen. Fir dat ze erreechen huet de Konvent eng Äntwert op folgend Froe misse sichen, déi him vum Conseil vu Laeken gestallt gi sinn: Wéi soll een an Zukunft d'Kompetenzen tëschent der Unioun an de Memberstaten opdeelen? An anere Wierder eng Äntwert op d'Fro: Wie mécht an der Europäescher Unioun wat? Wien ass dann elo dofir verantwortlech? Wéi sollen d'Aufgaben tëschent deenen eenzelnen europäeschen Institutioune besser verdeelt ginn? An anere Wierder: Wéi kënnen d'Décisiounsprozesser vun der Unioun méi einfach, méi iwwersiichtlech gestallt ginn, fir dass de Bierger se och novollzéie kann a fir dass d'Unioun awer och nach zu 25 a méi iwwerhaapt funktionéiere kann? A schlussendlech: Wéi kënne mer d'Aussepolitik vun der Europäescher Unioun méi effizient a kohärent gestalten?

An net manner wéi an 11 Aarbechtsgruppen ass sech ëm déi Froe beméit ginn. Si waren de Leitfuedem vun den Diskussiounen an all Aarbechtsgrupp, an zum Schluss, géing ech och mengen, missten d'Resultater vum Konvent dorunner gemiess ginn, ob se op déi dräi wesentlech Erausfuerderungen dann och elo eng anstänneg Äntwert ginn.

Fir Iech de ganze Spektrum vun deene Sujeten ze ginn, misst ech eigentlech elo nach eng Kéier, mä dat huet de Kolleeg Ben Fayot scho gemaach, dofir maachen ech et net, all déi Sujeten opzielen, déi an deene verschiddenen Aarbechtsgruppen traitéiert gi sinn. Ech wëll der nëmme just e puer erausgräifen. Ech wëll zum Beispill d'Subsidiaritéit huelen an domadder verbonnen och d'Roll vun den nationale Parlamenter.

Fir unzefänke soll d'Roll vun de Parlamenter verstäerkt ginn, andeem se an der europäescher Constitutioun berücksichtegt gëtt. Si solle besser informéiert ginn, andeem all Texter a Propositiounen, sou wéi alleguerten déi legislativ Programmer an och Strategien, direkt ouni Ëmwee vun der Kommissioun un d'Parlamenter verschéckt ginn. Prinzipiell awer ass festgehale ginn, dass déi national Parlamenter virrangeg eng national Roll ze spillen hunn, an dass et net drëm geet fir den europäeschen Décisiounsprozess nach ze komplizéieren. D'Roll vun den Nationalparlamenter ass virun allem fir d'Aktioun vun hire respektiven nationale Regierungen an de Conseilen zu Bréissel ze kontrolléieren.

Wann een do d'Diskussiounen noverfollegt huet, déi an deene verschiddene Groupes de travail gefouert gi sinn, dann ass et ganz kloer dass déi heiteg Praxis vun den Nationalparlamenter ganz wäit ausernee läit. Dat geet vun der dänescher Praxis, wou d'Regierung praktesch net kann op Bréissel goen, ouni dass se e formellt Mandat vun hirem Parlament kritt huet, bis zu där méi labberer, woubäi awer ech net wëll soen, dass mir déi mannste gutt doranner wären, Haltung, déi mir hunn, wou mir zwar e reegen Informatiounsaustausch, net, muss ech nach eng Kéier soen, mat alle Ministere mä awer jiddefalls emol als Commission des Affaires étrangères mat deene Ministeren hunn, fir déi mir, wann ech esou däerf soen, zoustänneg sinn, mä wou awer mer der Regierung méi e grousse Spillraum zu Bréissel ginn an eis am Fong dann herno drop konzentréiere fir ze jugéieren an där gerénger Bandbreet, déi mer dann nach hunn, ob dat wat se zu Bréissel erreecht hu gutt ass oder net grad esou gutt ass.

Eng méi staark Implizéierung vun den nationale Parlamenter an déi europäesch Froen heescht awer och eventuell d'Method vum Konvent selwer, wou, wéi ech scho gesot hunn, d'Nationalparlamenter an hir Vertrieder jo eng grouss Roll spille fir zukünfteg Ännerunge vun där europäescher Constitutioun festzehalen. Och ass d'Iddi opkomm, fir sougenannt Semaines européennes ze organiséieren, wou d'Nationalparlamenter an d'europäesch Institutiounen zesumme komme géinge fir sech ze beroden. An deem Kontext ass och vu Conférences interparlementaires geschwat ginn, wou iwwer wichteg Sujeten debattéiert soll ginn. Alles schéin a gutt, mä vun enger neier Institutioun, geschweig da vun engem europäesche Kongress, deen erëm alles vermëschen a verwësche géing, do hätt de Konvent näischt gehat. Ech muss esouguer soen dass dat do, zesumme mat där Propositioun fir eng duebel Présidence vum Conseil européen ze hunn, zwou Propositioune waren, déi, wa se am Plenum ernimmt gi sinn an et huet een dergéint geschwat, alle Kéier mat Applaus beduecht gi sinn. An deem Punkt däerft keen Zweifel dru bestoen, dass den negative Konsens do ass, dass mer weder dat eent nach dat anert wëllen.

Déi Mesure awer, wéi soll ech soen, déi am bahnbriechendste schéngt an där ganzer Diskussioun, ass déi déi am Groupe de travail iwwert d'Subsidiaritéit gefouert ginn ass an déi den nationale Parlamenter do eng ganz nei formal Roll zougesteet. U sech geet et jo beim Prinzip vun der Subsidiaritéit dorëmmer, dass d'Aktioun vun der Europäescher Unioun op deem Niveau an an deenen Domainer a soll setzen, wou se am effizientesten ass a wou se dem Bierger esou no wéi méiglech ass.

De Groupe de travail subsidiarité huet dofir och proposéiert, dass de Stellewäert vun deem Prinzip an der europäescher legislativer Prozedur besser soll ugewannt ginn. Dat soll doduerch geschéien, dass d'Nationalparlamenter d'Méiglechkeet kréie schnell an effizient anzegräifen, wa se der Meenung sinn dass ee legislativen Text, deen zu Bréissel proposéiert ginn ass, net konform zu deem Subsidiaritéitsprinzip ass. Déi europäesch Kommissioun soll also zu all Propositioun eng Fiche subsidiarité drun hänken, fir eng besser Evaluatioun ze garantéieren, a bei de sougenannte Mécanismes d'alerte précoce sollen d'Nationalparlamenter d'Méiglechkeet kréien, an engem fréie Stadium vun der legislativer Prozedur an an engem kuerzen Délai, fir déi Prozedur awer net opzehalen, hir Awänn geltend ze maachen.

An dann ass virgesinn, dass zumindest déi Parlamenter, déi de Mécanisme d'alerte précoce aktivéiert hunn, och sollen herno, wann awer déi Propositioun virugeet an et ass eng Direktiv oder eng europäesch Gesetzgebung doraus entstanen, dass dann déi kéinte virun d'Cour de Justice vun de Communautéite goen, fir do eng Violatioun vum Prinzip vun der Subsidiaritéit anzekloen. Doriwwer ass awer dat lescht Wuert am Konvent nach net geschwat, wuel iwwert de Prinzip, dass d'Nationalparlamenter wéi iwwregens och de Conseil des comités des régions fir déi Saachen, fir déi hie souwisou ëm säin Avis gefrot gëtt, déi Méiglechkeet kréien, mä ob awer elo nëmmen een eenzelt Parlament dat ka maachen, oder nëmme wa sech eng gewëssen Zuel vu Parlamenter an därselwechter Objektioun erëmfannen, dat ass nach net definitiv décidéiert.

Eng aner Fro, op déi ech kuerz wëllt agoen, ass déi vun der Kompetenzopdeelung tëschent der Europäescher Unioun an de Memberstaten. Ech hunn an deem Groupe de travail iwwert d'Compétence complémentaire siégéiert, dee sech awer séier Rechenschaft driwwer ofginn huet, dass een net kënnt iwwer ee vun deenen dräi Haaptniveaue vu Kompetenz schwätzen, ouni dass een dat Ganzt géing kucken. De Konsens huet sech direkt gemaach, dass et am Fong noutwendeg wär, fir an där zukünfteger europäescher Constitutioun ee ganzen Titre ze reservéieren der Beschreiwung vun de Kompetenze vun der Europäescher Unioun.

Dobäi gi mir dovun aus, dass déi Europäesch Unioun nëmme sougenannt attribuéiert Kompetenzen huet. Dat heescht, si huet keng eege Kompetenzen an deem Sënn, dass se sech déi kéint schafen. Si huet nëmmen déi Kompetenzen, déi hir vun de Memberstate formal iwwerdroe ginn. Am Exercice vun deene Kompetenze soll se nom Prinzip vun der Subsidiaritéit, wéi gesot, nëmmen dann handelen, wann et besser ass um europäeschen Niveau ze handelen, a Proportionalitéit, dat heescht nëmmen dat ze légiféréieren, wat wierklech muss légiféréiert ginn, an am Respekt vun der Identitéit vun de Memberstate dovunner Gebrauch maachen.

Déi Kompetenze géinge sech dann en gros an déi dräi Gebidder opdeelen, déi de Ben Fayot schonn zitéiert huet, dat heescht déi sougenannten exklusiv Kompetenzen, zum Beispill d'Politique monétaire, déi bei der europäescher Zentralbank läit, oder d'Aussenhandelspolitik, déi bei der Kommissioun läit, déi sougenannte gedeelte Kompetenze wéi zum Beispill de Gros vun deenen Décisiounen, déi ufalen am Kontext vum gemeinsame Maart, woubäi dat entweder eng ganz Politik ka sinn oder nëmmen en Deelberäich vun der Politik, wou de Prinzip da spillt, dass esou laang wéi d'Unioun do net gehandelt huet d'Memberstate ganz eleng d'Kompetenz behalen, mä dass vun deem Moment un, wou d'Unioun do handelt, d'Memberstaten entweder fir dee ganze Beräich oder fir deen Deelberäich ëm deen d'Unioun sech an Zukunft këmmert hir Kompetenzen opginn hunn.

An dann, wéi gesot, déi sougenannte Compétences complémentaires, fir déi mir laang en anert Wuert gesicht hunn, well dat jo eigentlech keng Kompetenze sinn, mä nëmme just Domänen an deenen d'Unioun allenfalls kann ënnerstëtzend Aktiounen huelen, woubäi dann awer d'Kompetenz fir d'Politik bei de Memberstate bleift. D'Kultur ass schonn opgefouert ginn, en anert Beispill ass d'Educatioun, wou eng ganz Rei vu Länner och der Meenung sinn, dass dat grad wéi d'Kultur an eng Rei aner Geschichten zu der Identitéit gehéieren, zu där Manéier wéi si selwer sech an hirem Gesellschaftsliewen determinéieren an développéieren, an dass et dofir wichteg ass, dass dat an der Kompetenz vun de Memberstate bleift. Et drängt sech awer och aus enger ganzer Rei vu Grënn op, dass ee sech e Minimum vu gemeinsame Regele gëtt, wéi zum Beispill an der Educatioun déi géigesäiteg Unerkennung vun den Diplomer oder déi géigesäiteg Förderung vun engem gewësse libre Mouvement vun de Studenten, wéi zum Beispill de Programm ERASMUS. Dat si keng Kompetenze vun der Unioun, mä et sinn Aktioune vun der Unioun, déi dat ënnerstëtze wat d'Memberstate selwer maachen.

Et ass also, wéi gesot, virgesinn, dass do e separaten Titel an déi europäesch Constitutioun soll ageschriwwe ginn, wou gesot gëtt a wat fir eng Kategorie sech déi Kompetenzen areien a wou se kuerz beschriwwe ginn. Dat war net en ongeféierlechen Exercice, well an dem Konvent si jo eigentlech ënnert dem Drock vun der Redaktioun vun enger Constitutioun oder vun engem constitutionellen Text alleguerten déi Reserven op där enger Säit, Ambitiounen op där anerer Säit erëm zum Virschäi komm.

Déi déi net zu deene gehéieren, déi Europa all Dag e Schrëtt no vir brénge wëllen, hunn natierlech dofir plädéiert, dass déi Kompetenze solle méiglechst prezis an domat restriktiv festgeluecht ginn. Déi aner, déi der Meenung sinn, dass Europa nach jonk ass a sech am Fong nach e ganze Koup kann développéieren, waren éischter der Meenung, dass een do soll déi Definitioun éischter large halen, dass ee wa méiglech kee Katalog, wat e fäerdege Katalog wär, vu Kompetenze soll opstellen, mä dass een eng gewësse Flexibilitéit do soll dra lossen. Ech géing och mengen, dass et finalement déi lescht Schoul ass, déi awer do d'Iwwerhand behalen huet.

Et ass zum Beispill eng laang Diskussioun ginn iwwert de jetzegen Artikel 308 vum Traité iwwert d'Communauté européenne, dee précisément virgesäit, dass d'Unioun fir déi Ziler, déi se sech gesat huet, zum Beispill d'libre circulation des travailleurs, och an engem Domän Mesurë kann huelen, deen eigentlech net zu hire Kompetenze gehéiert, wann den Objektif deen ass fir an dësem Fall dat Zil vum libre mouvement des travailleurs ze erreechen.

Doriwwer ass vill diskutéiert ginn, well eng Rei Länner, eng Rei Delegéierten der Meenung waren, dass dovun an der Vergaangenheet abuséiert ginn ass, an dass de Conseil an d'Kommissioun dovunner Gebrauch gemaach hu fir sech a Saachen anzemëschen a Saachen ze reglementéieren, wou se am Fong besser gehat hätten d'Fanger dovun ewech ze loossen. Et ass awer och drop higewise ginn, dass notamment den europäesche Geriichtshaff doduerch, dass hien an enger Rei Affäre wéi zum Beispill am Arrêt Kohll-Decker gesot huet, dass eng gewësse Flexibilitéit noutwenneg ass, mä am Arrêt iwwert d'Publicitéit vum Tubak awer och gesot huet, wat d'Limitë vun där Flexibilitéit sinn, schonn dofir gesuergt huet, dass Fouss bei Mol behale ginn ass. Dat Ganzt huet dozou gefouert, dass de Groupe de travail jiddefalls der Meenung war, dass een déi Flexibilitéit soll bäibehalen.

Ech hunn elo net geschwat an och net Wëlles ze schwätze vun deene Formen, déi déi Décisiounen an deene verschiddene Kompetenzberäicher kënnen hunn, en extrem komplexe Sujet. Et genügt ze soen, dass do déi allgemeng Meenung esou ass, dass een déi verschidden Zorte vun Décisiounen a Prozeduren, no deenen d'Unioun Décisiounen hëlt, op e Minimum reduzéiere soll, dass effektiv de Prinzip vun de Majoritéitsdécisioune soll de Prinzip ginn, dass de Ministerrot esou wäit wéi en a senger legislativer Funktioun tagt och soll öffentlech tagen, an dass iwwerall do, wou mat der Majoritéit décidéiert gëtt, och d'Prozedur vun der Codécisioun mam Europaparlament soll agefouert ginn.

Ech géing dann nach e puer Wierder verléieren iwwert de Groupe de travail „action extérieure". Mir hunn an dësem Haus grad an deene leschte Jore virum Nicer Vertrag an och duerno ëmmer erëm ënnerstrach wéi wichteg et wär, dass d'Europäesch Unioun sech eng kohärent Aussepolitik géing ginn - ech mengen, et ass grad haut wou mer kënne feststellen, dass dat am Fong méi dréngend ass wéi jee - an dass d'Europäesch Unioun sech dann och misst d'Moyene gi fir dat ze maachen.

Mir hunn dës Feststellung gemaach virum Hannergrond, wa Lëtzebuerg, mä och seng Frënn an der Europäescher Unioun déi international Szen iergendwéi effizient beaflosse wëllen, dass dann déi Europäesch Unioun misst als eng Entitéit agéieren. Dofir huet de Groupe de travail eigentlech folgend Propositioune gemaach, déi, wann een dat mat deem vergläicht wat ee virun engem Joer nach geduecht huet wat méiglech wär, wéi de Konvent ugefaangen huet, dach awer relativ wäit ginn.

Esou sollen zum Beispill am Hibléck vun engem kloren Text de base alleguerten d'Dispositiounen, déi d'Action extérieure vun der Unioun uginn, an enger Sektioun vun der zukünfteger Constitutioun opgelëscht sinn. Do sollen och d'Prinzipien an d'Objektiver vun der aussepolitescher Aktioun vun der Unioun festgeschriwwe ginn. De Conseil européen soll op Basis vun deene Prinzipien déi strategesch Objektiver vun där Aktioun festleeën an d'Unioun soll bien entendu och d'Kompetenz zougesprach kréie fir international Accorden iwwer Matièren, déi an hirem Kompetenzberäich leien, anzegoen.

Mä wat vläicht déi revolutionäerst Revolutioun ass, dat ass dass finalement d'Usiicht sech duerchgesat huet, wann een eng gemeinsam Politik wëllt maachen, dass et dann noutwenneg ass, dass een och no baussen en eenheetlecht Bild ofgëtt an dass een déi kloer identifizéiere ka mat enger Perséinlechkeet. Dat war bis ewell mam Haut Représentant vun der PESC, mam Här Solana, mam Commissaire vun de Relations extérieures, dem Här Chris Patton, an dem jeeweilege President vum Conseil Affaires générales plus alleguerten déi aner, déi sech ëmmer erëm beruff gespiert hunn, ob et grousser oder méi klenger waren, fir am Numm vun Europa ze schwätzen, net ganz einfach.

Dofir ass proposéiert ginn, dass eng Persoun déi zwou Funktioune vum Haut Représentant a vum Commissaire chargé des relations extérieures soll iwwerhuelen an et soll eng spezial Formatioun „action extérieure" um Niveau vum Conseil entstoen - dat ass allerdéngs eng Décisioun, déi de Conseil européen scho geholl huet -, déi dann och vun deem neie Ministre des affaires étrangères de l'Union - den Numm ass vläicht nach net ganz kloer, mä et ass dat, wou et sech drëm handelt - presidéiert géif ginn.

Ech fannen dat heiten ass engersäits wichteg, well et iwwerhaapt en Accord doriwwer ginn ass, well, wéi gesot, virun engem Joer wär et nach net evident gewiescht, dass déi grouss Länner d'accord gewiescht wäre fir dass et eng Kéier e Ministre des affaires étrangères de l'Union géing ginn. Dee Konsens schéngt mir och wichteg ze sinn, well et e Beispill ass vun dem Rassemblement an enger Persoun vun där duebler Legitimitéit, där Legitimitéit vum Haut Représentant engersäits, déi jo aus dem Conseil des Ministres vun der Unioun entsteet, an anerersäits dem Vizepresident vun der Kommissioun, deen eng aner Legitimitéit huet, déi aus senger Memberschaft vun der Kommissioun erauskënnt. Et ass also ënnert der duebler Legitimitéit, wat eng interessant Erneierung ass an déi och vläicht e Virbild ass fir anerer, déi nach ustinn.

Um organisatoresche Plang soll dann um Niveau vun der Kommissioun eng Koordinatiounsstell geschaf ginn, wou alleguerten d'Froe vun der Aussepolitik, déi d'Kommissioun betreffen, géingen zesummefléissen.

Zu der Présidence vum Conseil européen hunn ech virdrun ugedeit, dass dat, wat um Niveau vun de Ministres européens des affaires étrangères elo de Konsens schéngt ze maachen, vläicht à la fois en Ustouss war, wuerfir dass déi iewegt Hären zu Berlin an zu Paräis geduecht hu si misste sech elo séier mellen, fir dass och fir si eng Roll do wär - dat mag sinn -, mä et ass op där anerer Säit vläicht wéi sech dat, wann och elo net direkt, mä awer an Zukunft eng Kéier kéint développéieren.

Op engem vläicht manner wichtegen, mä awer net onwesentleche Plang, wëll ech dann nach d'Iddi zréckbehale vun enger Ecole de diplomatie de l'Union européenne, grad esou wéi déi vun engem Service diplomatique de l'Union Européenne.

Eng weider Saach, déi net onwesentlech ass fir d'Visibilitéit vun der Unioun no baussen, ass, dass gefrot gëtt dass déi international Organisatiounen hir Statuten an deem Sënn géifen änneren, dass déi Europäesch Unioun hinne bäitriede kann. De Groupe de travail iwwert d'Personnalité juridique huet jo do excellent Aarbecht geleescht an d'Dier wierklech opgemaach, fir datt d'Unioun als sollech kéint internationalen Organisatiounen, mä och Accorde bäitrieden. Dat ass eng Fro, déi jo och am Groupe de travail iwwert d'Charta diskutéiert ginn ass, wou eng vun den Alternative wär, datt d'Unioun als sollech géif der europäescher Mënscherechtscharta bäitrieden.

Ech hunn de Moien nach zu Bréissel an enger Réuniouun, wou d'Buergermeeschtere vun deene 25 europäeschen Haaptstied beim Comité des régions ageluede waren, mech duerfir agesat, datt een d'Eventualitéit emol soll préiwen, ob d'Unioun net och kënnt als sollech der Charte européenne de l'autonomie communale bäitrieden, déi de Moment nach ëmmer a mengen Aen déi beschten Definitioune gëtt vun der Autonomie locale, déi jo och soll an déi europäesch Constitutioun ageschriwwe ginn an déi entre-temps vun alle Bäitrëttskandidate ratifizéiert ginn ass an déi bal, mä nach net grad just vun alle Memberstate vun der Europäescher Unioun ratifizéiert ginn ass.

D'Défense ass natierlech och e wichtegt Element vun enger kohärenter Aussepolitik an ech géif d'Kolleegen alleguerten invitéieren emol déi gemeinsam Contributioun ze liesen, déi virum Enn vum Joer deen däitschen an dee franséischen Ausseminister - deen däitschen, ech erënneren drun, dat ass den Här Joschka Fischer, an dee franséischen ass den Här De Villepin, mä dat ass vläicht an dësem Kontext net esou wichteg - an där Hisiicht geleescht hunn, wou si an engem ganz forschen Toun ënnersträichen, datt eng europäesch Aussepolitik ouni e Minimum vu militärescher Kapassitéit, déi allerdéngs an hiren Aen - an dat soen se formell - misst opgestockt ginn, well se de Moment onbefriddegend wär, net ganz wäit féiere géif. Dat ass och interessant am Kontext vun den Diskussiounen, déi mer grad just an dësem Moment erliewen.

Ech wëll just kuerz ervirsträichen, dass de Groupe de travail proposéiert huet, fir ënner anerem déi Petersberg-Missiounen ze erwei-

deren, zum Beispill ëm eng Mission de gestion de crises mat der Méiglechkeet fir op militäresch Moyenen zréckzegräifen.

Wéi gesot, mir hunn eis besonnesch - dat mag sinn - mat de Prozeduren a mat den Diszipline beschäftegt, awer manner mat der Substanz, besonnesch an dësem Kontext vun den Affaires étrangères, mä ech géif awer mengen datt déi Determinatioun fir e Fortschrëtt ze maachen am Hibléck op eng Stëmm an ee Gesiicht vläicht awer dozou bäidroe kënnt, datt mer aus där enger Stëmm a mat deem enge Gesiicht, entweder engem Laachen oder engem Kräischen, op jiddefalls e gemeinsame Message no bausse vermëttele géifen.

Ech géif zu den institutionelle Froen nëmmen dat heite soen, datt et wichteg ass, datt den Equilibre institutionnel bei allem wat mer maache garantéiert bleift. E muss esou wéi mer en de Moment kenne bleiwen, also mat engem Conseil, wou prinzipiell d'Intérête vun de Memberstate vertruede ginn, mat enger Kommissioun, déi prinzipiell do steet fir de gemeinsamen Intérêt an d'gemeinsam Aktioun vun der Unioun an engem europäesche Parlament, dat déi demokratesch Komponent an der Europäescher Unioun duerstellt. Mäi Kolleeg Emile Calmes wäert sech nach méi speziell domadder auserneesetzen.

Här President, ech menge schonn dass mer eis an engem historeschen Ablëck an där jonker Geschicht vun der Europäescher Unioun befannen. De Konvent huet bis elo probéiert déi Chance trotz munchem Hickhack ze notzen. Wann een d'Aarbechte vun de Groupes de travail kuckt, da stellt ee fest, datt wierklech probéiert ginn ass d'Saachen net hallef ze maachen. Et muss een elo fir d'éischt gesi wat dorauser d'Plénière mécht a wat dann duerno - en supposant datt mer e Konsens fannen dee Gehalt huet - d'nächst Joer d'Conférence intergouvernementale dorauser mécht.

Ech soen Iech villmools merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Den 28. Februar 2002 huet de Konvent seng éischt Sëtzung zu Bréissel ofgehalen. Fir ee wéi mech, deen op dem europäesche politesche Plang nach praktesch keng Experienz hat, war an ass d'Participatioun un dësem Konvent e fantastescht Experiment, eng Schoul an awer och eng Erausfuerderung.

An deenen deeglaange Sëtzungen, déi elo schonns iwwert e Joer ginn an nach bis viraussiichtlech de Summer weider ginn, huet een déi eemoleg Chance déi europäesch Politik mat all hire Facetten, Detailer, Strukturen, Komplikatiounen, Vir- an Nodeeler an esou weider kennen ze léieren. E spannend Erliefnes, eng eemoleg Schoul a wéi gesot och eng Erausfuerderung fir erauszefannen, wat een aus der Siicht vun deenen Idealer, déi een an der dagdeeglecher Politik am Numm vu senger Partei vertrëtt, kann an Aklang fanne mat engem Text, engem Traité oder enger Constitutioun.

Déi gréissten Erausfuerderung, déi menger Meenung no sech awer un de Konvent stellt, ass, ob iwwerhaapt erausfonnt gëtt firwat esou vill Bierger sech net vun deem Europa ugesprach fillen, keen Interessen dru fannen, sech net verbonne fillen, jo firwat esou vill Bierger a Politiker éischter Euroskeptiker sinn. Zweetens, ob de Konvent iwwerhaapt gewëllt ass am Fong och eppes dorunner ze änneren an ob Europa, esou wäit et haut besteet a fonctionnéiert, iwwerhaapt amstand oder nach amstand ass eppes dorunner kënnen ze änneren.

Ech muss Iech soen, datt opgrond vu menger Erfahrung, déi ech an deene leschte Méint gemaach hunn, ech fäerten, dass dat aktuellt Europa dozou net méi amstand ass. All déi Diskussiounen déi mer féieren an déi och musse gefouert ginn iwwert eng Constitutioun oder en Traité, iwwer Institutiounen, Presidentschaften, Rotatiounen, juristesch Formen, Strukturen an esou weider si wichteg, awer de Message deen d'Leit gären hätten, dee se verstinn, dee brénge mer - fäerten ech - net eriwwer. Ze vill technokratesch ass d'Diskussioun ginn. Déi Leit, déi d'Soen hunn, sinn ze wäit vum normale Bierger ewech, leiden am Sproochgebrauch ënnert enger Déformation professionnelle, déi se quasi onverständlech mécht.

Ze wäit ginn d'Meenungen auserneen. Europa ass ze vill mächteg ginn an en Zréck opgrond vun den Traitéen ass net méi méiglech. Europa ass fir den normale Bierger net méi gräifbar, net méi verständlech, hie fillt sech ausgeschloss, hien huet kee Matsprooche- a kee Matbestëmmungsrecht. All dat féiert bei ville Bierger zu engem Vertrauensverloscht, zu Mësstrauen.

Zu dësem Mësstrauen droen zousätzlech déi eenzel Nationalstate bäi. Wéi oft héiere mer vu Regierungsmemberen, vu Ministeren, wa se negativ oder souzesoen negativ Moossnamen huelen oder ëmsetzen: „Jo, mir wollten dat doten net maachen, mä et ass Bréissel dat eis dat virschreift. Et ass dës oder déi Direktiv, déi eis dozou obligéiert." Et gëtt ëmmer heibäi vergiess ze soen dass, ier Bréissel dat konnt soen a maachen, fir d'éischt déi eenzel Nationalstate Bréissel dee Pouvoir hu misse ginn.

Vill Staten oder Regierungen hu souguer net de Courage fir verschidde Politiken an hirem Land duerchzesetzen, ginn dann de Pouvoir un d'Kommissioun of, a wann dann e puer Joer méi spéit Bréissel dat realiséiert an duerchsetzt, wou si selwer net de Courage dozou haten, da rege se sech vis-à-vis vun deene betraffene Bierger iwwer Bréissel op, hëllefen also Mësstraue beim Bierger vis-à-vis vun Europa opzebauen. Net nëmmen de Bierger dobaussen, mä och d'Volleksvertrieder an deene verschiddenen nationale Parlamenter fille sech haut scho gréisstendeels bei der Matsprooch a Matbestëmmung vun der europäescher Politik ausgeschloss.

De ganz groussen Deel vun den Direktiven an den Traitéë gi laanscht d'Parlament. Si gi vun Eurokraten an nationale Fonctionnairen ausgehandelt, a wa se fäerdeg si gi se am Parlament nach just ratifizéiert. D'Parlamenter hu sech mannerjähreg erkläre gelooss an hunn als déi wierklech Volleksvertrieder zugonschte vun engem iwwermächtegen a vun Technokrate gefouerten Europa haut scho gréisstendeels ofgedankt.

Wa mer deem Europa - wat mer brauchen - eng Zukunft wëlle ginn, da musse mer et méi demokratesch, méi transparent a méi biergerno maachen. Dat kënne mer doduerch, datt mer den nationale Parlamenter erëm e reellt Matsprooch- a Bestëmmungsrecht ginn. De Bierger an d'Société civile ass méi no bei den nationale Parlamenter. Hei kann deen eenzelne Bierger Ableck kréien an hie kann och iwwer bestoend Strukturen an Organisatioune mat diskutéieren an décidéieren.

De Bierger muss och d'Iwwerzeegung kréien datt, duerch d'Politik déi gemaach gëtt, Europa him eppes bréngt, amplaz datt vill Leit Angscht virun enger Entwécklung hunn. Europa huet de Leit schonns eppes Wichteges bruecht. Ech géif souguer soen, dat Wichtegst, nämlech iwwer 50 Joer Fridden. Dat ass de gréissten Erfolleg, deen Europa iwwerhaapt an der Vergaangenheet an och an der Zukunft ka bréngen. Mä d'Leit verlaange méi, si verlaange mat Recht sozial Ofsécherung, eng Aarbechtsplaz, Sécherheet fir hir Famill an hiren Eegentum. Soulaang Europa dës Problemer net an de Grëff kritt, gëtt et fir vill Leit, fir grouss Deeler vun eise Leit, net akzeptabel.

Här President, dat ass eiser Meenung no d'Erausfuerderung, déi un de Konvent gestallt ass. A wann déi Diskussiounen am Konvent sech och iwwer Wochen a Méint higezunn hunn, ouni awer konkret ze ginn, sou ass dach elo de Moment komm wou d'Saach eescht gëtt. D'Groupes de travail hunn hir Aarbecht ofgeschloss an an der Sitzung vun der leschter Woch huet de Presidium e Projet vun engem Text virgeluecht, iwwert déi 16 éischt Artikele vun engem Traité „instituant une constitution pour l'Europe".

D'Zil vun der Debatt haut ass, datt mer eng Zwëschebilanz zéien zwëschent deem wat bis elo geschitt ass, ee Meenungaustausch organiséieren, fir déi eng an déi aner Meenung erauszefannen, fir d'Gemeinsamkeeten an d'Differenze festzestellen. An der Kommissioun hate mer festgehalen, keng Motiounen oder Resolutiounen ze maachen, et ass awer am Virfeld vun dëser Diskussioun vum Kolleeg Fayot eng Motioun oder eng Resolutioun preparéiert ginn, déi och vun dräi anere Parteie mat ënnerschriwwe ginn ass, an ech kommen herno nach eng Kéier dorop zréck.

Här President, ier ech mech mat e puer prinzipielle Punkte beschäftegen, wëll ech fir d'éischt eng prinzipiell Iwwerleeung maachen. Éischtens wëll ech soen, als ADR soe mer Jo zu Europa, et gëtt keng Alternativ zu Europa. Fridden iwwer 50 Joer. Kee Land méi eleng kann um Weltmaart bestoen. Krisesituatiounen an Ex-Jugoslawien an déi aktuell Kris am Irak beweisen, wann Europa net kann aus engem Mond schwätzen, wat fir ee blamabelt Bild et no baussen ofgëtt. Mir brauchen also dat Europa.

D'Fro déi sech awer stellt ass: Wat fir een Europa? Hei gëtt et zwou grouss Tendenzen, déi eng déi wëlle méi en zentralistescht Europa, en europäesche Stat, mat méiglechst vill Pouvoir un der Spëtzt, e federaalt Europa. Déi aner wëllen en Europa vu Staten an Natiounen, wou d'national Parlamenter eng Schlësselrolll bei den Entscheedunge behalen, wou nëmmen dat op europäeschem Niveau delegéiert gëtt wat do besser wéi op nationalem Niveau ka realiséiert ginn.

Den ADR ass kloer géint en zentralisteschen europäesche Stat, mä schwätzt sech kloer fir en Europa vun de Staten an den Natiounen aus. Op där prinzipieller Basis berouen eis Iwwerleeungen an Entscheedungen an Hisiicht vun engem neien Traité.

Déi wichtegst Fro déi sech direkt stellt ass: Eng Constitutioun, jo oder neen? Eng Constitutioun ass den Ausdrock, d'Base vun engem fräien an eegestännege Stat. En unilateralen Akt, dee sech bannent engem Stat ofspillt an op de Stat begrenzt. Wann ee keen europäesche Stat wëllt, kann een och net eng europäesch Constitutioun wëllen. Déi fir en europäesche Stat sinn, hätte gären eng Constitutioun. Europa beweegt sech awer nëmme weider a kënnt och nëmme virun, wann d'Bereetschaft zum Kompromiss besteet. Dofir si mir als ADR och domat d'accord, datt een den Numm kënnt als Traité constitutionnel maachen; e Kompromiss tëschent zwou Meenungen.

De Projet vum Text, dee virläit a seet: „du traité instituant une constitution pour l'Europe", fënnt net eis Zoustëmmung. Traité constitutionnel: Jo. Zwar ass dat en Term deen et laut Juristen net gëtt, awer geléiert hunn ech am Kader vun deenen Diskussiounen an Europa, datt d'Äntwert ëmmer nëmmen am Konsensualismus praktesch méiglech ass.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Dat wäerten d'Bierger, Här Gibéryen, net verstoen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wa si et net verstinn, Här Fayot, sinn ech iwwerzeegt datt Dir se wäert weider informéieren.

Fir eis, Här President, ass et awer wichteg, wa mer esou en Traité constitutionnel maachen, datt mer deen engem Referendum ënnerzéien. Den ADR ass prinzipiell fir Referendumen, a mir hunn och dofir eng Proposition de loi deponéiert fir Referendumen ze erméiglechen. All europäeschen Traité misst, laut eis, engem Referendum ënnerworf ginn, virun allem da wa Souverainitéitsrechter ofgetratt ginn; dat war eis Meenung och beim Traité vu Maastricht.

Op alle Fall bei engem Traité constitutionnel muss e Referendum, eiser Meenung no, hei am Land ofgehale ginn. Et ass dëst fir eis eng absolut Bedingung. De Bierger muss entscheeden. Am Projet, dee vum President Valéry Giscard d'Estaing virgeluecht ginn ass, steet am Artikel 1, Ofsaz 1, „inspiré par la volonté des peuples". Wa kee Referendum stattfënnt, kënne mir als ADR, egal wat fir en eendeitegen Text herno zustane kënnt, domat net averstane sinn.

D'Kompetenze wëlle mer kloer definéieren. D'Institutioune sollen équilibréiert bleiwen, also kloer definéiert Kompetenze wie fir wat fir Politiken zoustänneg ass. Éischtens exclusiv Kompetenze fir d'Unioun, zweetens gedeelte Kompetenzen, drëttens exklusiv Kompetenze fir national Staten, déi bis elo net festgehale ginn am Text, a véiertens fir Politike wou jiddferee fräi ass, wéi zum Beispill bei der Recherche.

Prinzipiell solle keng nei Kompetenzen no Europa goen, mat Ausnahm, wéi mer och wéi meng Virriedner der Meenung sinn, dass eng gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik, de Kampf géint den Terrorismus, d'organiséiert Kriminalitéit an d'illegal Awanderung op europäeschem Niveau besser niddergelooss ass.

E weidere wichtege Punkt, deen de Mëtten hei vill diskutéiert ginn ass, ass d'Subsidiaritéit an der Fro vun de gedeelte Kompetenzen. Wéi gëtt d'Subsidaritéitsfro haut geregelt? Dat ass vu Land zu Land verschidden. Den Här Helminger huet virdru vun nordische Länner geschwat, déi doranner vill méi e Pouvoir hunn, an de Parlamenter vis-à-vis vun hire Regierungen.

An et ass och festzestellen, datt am Fong déi Länner, déi vun Ufank u bei der Unioun derbäi sinn, datt dat am Fong déi Länner sinn déi am mannste Strukturen am Parlament hunn, fir eben e Matsproochrecht an eng Kontrollfunktioun am Parlament auszeüben. Dat ass awer net d'Schold vun Europa, et ass och net d'Schold vum Traité, mä et ass eng Schold wou mer eis selwer mussen op d'Schëller klappen, wou mer eis selwer als Parlament ni déi Moyenë ginn.

Den Aarbechtsgrupp Subsidiaritéit, deem ech d'Chance hat unzegehéieren, huet festgehale fir keng nei Institutiounen anzeféieren, och kee Congrès des peuples, wéi e verschiddentlech virgeschloe ginn ass. Keng nei Prozeduren déi als Zil hunn, eng zäitlech Verlängerung mat sech ze bréngen.

Et ass och proposéiert ginn ee Mécanisme d'alerte précoce anzeféieren. Eng Kontrollpolitik ex ante fir d'national Parlamenter. Hei soll eng direkt Relatioun tëschent der Kommissioun an de Parlamenter entstoen, wou zum gläichen Zäitpunkt, wéi d'Europaparlament an de Conseil, déi national Parlamenter direkt vun der Kommissioun d'Dokumenter zougedroe kréien. Dat Ganzt soll an Zukunft ëmmer begleet si mat enger Fiche subsidiarité.

D'Parlamenter kréien dann d'Méiglechkeet bannent sechs Wochen ze reagéieren, ob se an der Fro, net wat de Fong, mä wat d'Subsidiaritéit ubelaangt, mat där Propositioun averstane sinn, a wann net, da kënne se direkt dogéint eng Objektioun bei der Kommissioun maachen. Wann een Drëttel vun de Parlamenter eng Objektioun mécht, muss d'Kommissioun zousätzlech motivéieren. Wann zwee Drëttel vun de Parlamenter eng Objektioun maachen, muss d'Kommissioun hir Propositioun iwwerschaffen.

Sollt zum Schluss vun der Prozedur kee Satisfaktioun kréien, kréien d'national Parlamenter d'Recht virum europäesche Geriichtshaff ze kloen. D'Viraussetzung, an dat ass d'Propositioun wéi se elo um Dësch läit, datt se vun der éischter Méiglechkeet, nämlech bei der éischter Kéier ze reagéieren a vum System vun der Alerte précoce Gebrauch gemaach hunn, dat gëtt hinnen d'Recht fir herno da kënnen ze kloen.

Firwat ass dat esou zréckbehale ginn? Mä well gesot ginn ass, soss géifen d'Parlamenter sech an der éischter an der zweeter Etapp net mat der Propositioun befaassen a si géifen eréischt wa se fäerdeg wier, a si géife feststellen datt de Subsidiaritéitsprinzip hirer Meenung no net respektéiert wier, kloe goen. Dofir war d'Iddi vum Groupe de travail fir ze soen, ma nëmmen déi kënne kloen, déi schonn an der éischter Etapp sech bemierkbar gemaach hunn, fir eben esou d'Parlamenter dozou ze beweegen, vun Ufank un direkt sech mat dem Dossier ausenanerzesetzen. Aner Leit hu gesot, wann dat de Fall ass, da wäerte mer eng Lawin erliewen an da wäert all Land an Zukunft emol direkt am Ufank eng Oppositioun maachen, fir sech domadder d'Recht ze behale fir kënnen och op den europäesche Geriichtshaff ze goen. Dës Fro ass nach net ausdiskutéiert.

Mir waren allerdéngs iwwerrascht am Memorandum vum Benelux, vun deenen dräi Regierungen, datt déi sech am Fong géint dëse System ausgeschwat hunn, wat d'Méiglechkeet vum Recours a posteriori beim europäesche Geriichtshaff festhält. Mir bedaueren dës Haltung vun eiser Regierung, déi mat de belschen an hollännesche Regierungen zesummen am Fong dës Iddi, déi am Konvent op grouss positiv Reaktioune gefall ass, vun dësen dräi Regierunge refuséiert oder verworf gëtt. Et ass wéi wann d'Regierungen am Fong géife fäerten, wéi wa se eppes dergéint hätten, datt d'Parlamenter erëm méi Matbestëmmung kréichen an och hei kënne selwer kloe goen.

Am Kader vun der Subsidiaritéit misst et och méiglech gi bestehend Direktiven ze iwwerpréiwen, déi elo scho bestinn, an iwwer eng ähnlech Prozedur, wéi déi, déi elo agefouert gëtt fir nei Direktiven, eventuell am Kader vun der Subsidiaritéitsfro och erëm kënne réckgängeg ze maachen.

Am Zesummenhank mat der Subsidiaritéit si mer och der Meenung, datt de COSAC eng méi wichteg Roll ka spillen, an zwar ouni dem COSAC nei Pouvoiren ze ginn, fir iwwert d'Subsidiaritéit ze décidéieren, mä fir méi eng administrativ Roll ze spillen tëschent de Parlamenter. En Austausch tëschent de Meenunge vun de Parlamenter, vun den Dokumentatiounen, well mer jo och musse wëssen, datt an Zukunft, wann dee System do kënnt, sécherlech d'Parlamenter ënnerenee mussen diskutéieren, datt d'Dokumenter, d'Décisiounen

hin an hier geschéckt ginn an datt eventuell do de COSAC kann eng wichteg Roll spillen, dee jo och elo soll e Sekretariat kréien.

Mat der Personnalité juridique vun der Unioun hu mer kee Problem, datt déi agefouert gëtt. Dat bewierkt eng Verstäerkung vun der Unioun no baussen. Et muss awer och wichteg ginn, datt an deem neien Traité eng Klausel agebaut gëtt, datt e Land sech erëm kann aus der Unioun zréckzéien. Do gëtt et bis haut keng kloer Prozeduren an et ass verschiddentlech am Konvent ugeklongen, datt een och sollt eng Prozedur aféieren, laut där e Land sech aus der Unioun kann zréckzéien.

E weidere Punkt, mat deem elo net ongewéinlech grouss Problemer sinn, mä deen ech awer hei wëll uschneiden, ass, well mer zoufälleg gëschter eist neit Wahlgesetz gestëmmt hunn an am Fong Derogatiounen agebaut hunn, fir den Net-Lëtzebuerger eng Residenzklausel vu fënnef Joer ze obligéieren, fir kënnen dat aktiivt a passiivt Wahlrecht ze kréien. Well déi Propositioun vum Traité constitutionnel, wéi se elo virläit a sengem Artikel 7, hält fest: „Les citoyens et les citoyennes de l'Union jouissent des mêmes droits de vote et d'éligibilité aux élections du Parlement européen ainsi qu'aux élections municipales dans l'Etat membre où ils résident dans les mêmes conditions que les ressortissants de cet Etat."

Wa mer also dësem Traité an dëser Form zoustëmmen, da musse mer och wëssen, datt dat Gesetz, dat mer gëschter gestëmmt hunn, am Fong an deene Punkten net méi conforme zu deenen neien Texter ass. Wéi gesot, mir hunn domat kee Problem, ech wollt awer just drop hiweisen.

Wat d'Presidentschaft ugeet schléisse mer eis der Meenung vun eisem Virriedner un. Mir si prinzipiell mat deem System averstanen, mä mir sinn net mat där däitsch-franséischer Propositioun averstanen. Mir sinn och der Meenung, datt de Fonctionnement vu 15 op 25 wäert méi schwéier ginn, sinn awer och der Meenung, datt de System vun der Rotatioun muss bäibehale ginn, wéi dat am Memorandum vum Benelux proposéiert ass, ee kann op aner Méiglechkeeten iwwergoe fir dee fonctionnéieren ze loossen. Bei der Vereinfachung vun de Prozeduren, mengen ech, gëtt et keng Differenzen.

Beim sozialen Europa huet de Konvent sech relativ schwéierfälleg beholl an et huet relativ laang gedauert bis e Grupp agesat ginn ass, dee sech ëm d'Sozialpolitik bekëmmert. Dat huet bewise wéi schwéierfälleg Europa och an der Sozialpolitik ass, mä et ass dat ee vun deenen Domäner wou d'Leit awer, géif ech soen, am meeschten drop kucken.

Den Aarbechtsgrupp recommandéiert am Traité festzeschreiwen, d'Valeur de justice sociale, de solidarité et d'égalité, och d'Egalité tëschent Männer a Fraen, an och déi handicapéiert Leit sollten doranner mat abezu ginn. D'Sécurité sociale soll awer an de Länner bleiwen an Europa soll méi fir grenziwwerschreidend Moossnamen an den transfrontalièrë Bestëmmungen zoustänneg ginn um Niveau vun der Sécurité sociale oder vun der Gesondheetspolitik.

E weidere Punkt, deen zur Diskussioun stoung, ass de Vote vun der Majorité qualifiée. Och dee geet aus dem Här Fayot senger Motioun eraus a mir waren der Meenung, datt et vläicht zu dësem Zäitpunkt verfréit wier, datt mer och als Parlament géifen eng Motioun stëmmen, wou mer eis scho méi positiv zu engem Vote qualifié prononcéieren. Mir mengen, et sollt een domadder ofwaarden, bis d'Diskussioun méi wäit fortgeschratt ass.

En anere Punkt, deen ech nach wëll uschneiden, ass d'Reliounsfro, déi an deene leschte Wochen a Méint fir vill Gespréichsstoff an Artikele gesuergt huet, wou d'kathoulesch Kierch am Fong verlaangt, datt e Gottesbezuch, eng reliéis Referenz misst an den Traité constitutionnel kommen. Mir sinn als ADR der Meenung, et sollt een dat net maachen. Ech schléisse mech och do dem Virriedner un, datt dat eng Diskussioun ass, déi tëschent deenen eenzelne Staten an de Kierche sollt stattfannen am Kader vun der Subsidiaritéit, mä en Traité sollt d'Reliouns-, d'Meenungs- an d'Organisatiounsfräiheet generell verankeren.

Wat d'Charte vun den Droits fondamentaux ugeet, si mer als ADR och der Meenung, datt déi hiren Niddersch lag an deem Traité constitutionnel soll fannen, ob elo e Verweis op d'Charte des droits fondamentaux gemaach gëtt oder als integralen Text, schéngt mer net esou wichteg ze sinn. Et ass vläicht méi e symbolesche Wäert wéi e juristeschen. Wichteg géif dann awer ginn, datt dës Charte duerch en Aschreiwen an deem Traité constitutionnel rechtskräfteg géif an alle State ginn, wat bis haut net bei alle Staten de Fall ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt op dës puer prinzipiell Punkte vun eiser Säit agoen a mir wollten déi och mat enger Motioun an enger Resolutioun dokumentéieren. Eng Motioun, wou mer am Fong wëllen datt d'Chamber sech haut soll ausschwätzen, fir wa mer eng Kéier um Schluss ukomme vun esou engem Traité constitutionnel, datt mer dee sollen de Lëtzebuerger Leit a Form vun engem Referendum virleeën, fir datt se doriwwer kënnen ofstëmmen.

Déi meescht Länner an der Unioun wäerten dëst och maachen, esou wäit wéi eis Informatioune ginn.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés considère*

*- qu'une des tâches de la Convention sur l'avenir de l'Europe est l'accroissement de la « légitimité démocratique » des institutions européennes;*

*- que le « projet de texte des articles du traité instituant une constitution pour l'Europe » ambitionne de se fonder sur la « volonté des peuples » de « bâtir leur avenir commun »;*

*- que dans un texte constitutionnel d'un Etat démocratique les citoyens s'accordent sur le contenu, les limites, l'organisation, l'exécution et le partage du pouvoir politique;*

*- qu'un document légal aussi fondamental qu'un traité constitutionnel pour l'Europe ne pourra être mis en vigueur au Grand-Duché que si une majorité des citoyens luxembourgeois le ratifie;*

*- que sans l'approbation explicite des citoyens un traité constitutionnel n'aura pas la légitimité démocratique nécessaire;*

*- qu'un référendum décisionnel est l'instrument de choix pour assurer la légitimité démocratique d'un traité constitutionnel;*

*- que seul un référendum permettra de connaître la volonté du peuple relative à cette étape cruciale dans le processus de la construction européenne que constitue la ratification d'un traité constitutionnel;*

*- que l'organisation d'un référendum sur un traité constitutionnel pour l'Europe contribuera à un large débat sur les institutions et politiques européennes et à une sensibilisation du citoyen aux questions européennes;*

*invite le Gouvernement à*

*- organiser, indépendamment du texte final retenu par la Convention sur l'avenir de l'Europe, un référendum décisionnel sur le projet d'une constitution ou d'un traité constitutionnel pour l'Europe.*

*(s.) Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

Dat zweet ass eng Resolutioun iwwert d'Subsidiaritéit, an zwar well eis déi Fro vun der Subsidiaritéit, wéi se och vum Grupp Subsidiaritéit festgehalen ass, enorm wichteg erschéngt, a well mer och festgestallt hunn, datt ebe grad am Memorandum vun de Benelux-Länner d'Regierungen e wichtege Passage vum Dokument vun dem Grupp Subsidiaritéit ewech gelooss hunn oder esouguer refuséiert hunn. Dat ass nämlech deen, fir datt déi eenzel Parlamenter kënne virun den europäesche Geriichtshaff kloe goen.

Et schéngt eis awer wichteg ze sinn, datt mer als Parlament hei eng Zoustëmmung zu dem Resultat zum Grupp Subsidiaritéit brénge an dat och ënnerstëtzen. Wa mer déi Resolutioun, wéi den Här Fayot se hei virgeluecht huet, wou mer vir an de Considéranten hiweisen op d'Continuation des Gouvernements vum Benelux an hannen am Text, ënner 16, nëmmen de Mécanisme d'alerte précoce opféieren an net méi drop verweisen, datt e Parlament och ka virun d'europäescht Geriicht goen, da stëmmt dës Chamber am Fong dem Benelux-Memorandum zou an hëlt sech domadder d'Méiglechkeet, fir kënnen op den europäesche Geriichtshaff ze goen, eng Méiglechkeet, déi se elo vun der grousser Majoritéit, wéi se am Konvent diskutéiert gëtt, am Fong kritt. An ech fannen, datt mer net als Parlament richteg géife leien, wa mer wierklech déi Méiglechkeeten elo géife kréien, wa mer als Parlament eis selwer déi Méiglechkeet da wëllte refuséieren.

Dofir, wéi gesot, Här President, hu mer eng Resolutioun gemaach, déi deen dote Punkt preziséiert.

***Résolution 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant le principe de subsidiarité introduit par le traité de Maastricht afin d'assurer que l'action politique se place au niveau le plus approprié dans les domaines où la compétence est partagée entre Etats membres et Union européenne;*

*- considérant qu'une action au niveau de l'Union européenne ne doit se faire que si l'Union est réellement en mesure d'agir plus efficacement que les Etats membres individuellement;*

*- constatant que jusqu'à ce jour l'application du principe de subsidiarité n'est soumise qu'au contrôle juridictionnel de la Cour de Justice européenne, contrôle qui n'intervient qu'après l'adoption des actes législatifs;*

*- prenant acte du souhait exprimé par le groupe de travail « Subsidiarité » de la Convention européenne qu'à l'avenir l'application du principe de subsidiarité par les institutions européennes soit améliorée et que les parlements nationaux puissent intervenir rapidement et efficacement dans le processus législatif européen s'ils considèrent qu'une proposition de texte législatif ne respecte pas ce principe;*

*- saluant la solution présentée par le groupe de travail « Subsidiarité » dans son rapport présenté à la Convention européenne les 3 et 4 octobre 2002 en session plénière qui renforce la position des parlements nationaux dans le processus législatif européen sans y créer une nouvelle instance ou un nouvel organe;*

*- constatant que cette solution obligera la Commission européenne de joindre à ses propositions de texte une « fiche subsidiarité »;*

*- constatant que la création d'un « mécanisme d'alerte précoce » permettra à la Chambre des Députés de s'exprimer dès le début de la procédure législative sur la conformité ou non des propositions de texte de la Commission européenne au principe de subsidiarité;*

*- constatant que l'activation du « mécanisme d'alerte précoce » par la Chambre des Députés lui donne droit de saisir la Cour de Justice européenne après adoption des actes législatifs, pour violation du principe de subsidiarité;*

*décide de*

*- soutenir les propositions du groupe de travail « Subsidiarité » de la Convention européenne qui visent à améliorer l'application du principe de subsidiarité.*

*(s.) Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.*

Wat d'Resolutioun vum Här Fayot ubelaangt, wäert eis Fraktioun sech herno, wéi gesot, opgrond vun deem doten an och verschiddenen aneren Artikelen enthalen. Mir waren der Meenung, datt et verfréit wier fir sech generell a spezifesch a Punkte festzeleeën, datt mer mengen, dat Wuert Majorité qualifiée wier ze frei, datt een e Vote géif doriwwer huelen, datt mer mengen, et wier ze frei fir sech iwwert d'Nature constitutionnelle auszeschwätzen.

Ech hunn dat elo vu Subsidiaritéit gesot. Och Wierder wéi Ministre des Affaires européennes schéngen eis falsch Wierder ze sinn. Europa huet keng Regierung, kann och kee Minister eiser Meenung no hunn. Dat sinn d'Staten. Et ass also eng Resolutioun, déi eis scho géif fixéieren zu engem Zäitpunkt, wou mir mengen datt mer eis als Land sollten nach méi Spillraum behalen. Dofir hu mir just eng Resolutioun an eng Motioun deponéiert. Eng ass ganz wichteg, nämlech de Referendum, well et kann een net en Traité constitutionnel hei am Land oder fir d'Bierger hei am Land aféieren, wann een d'Bierger net doriwwer léisst ofstëmmen.

Den zweete wichtege Punkt ass fir de Parlamenter méi Rechter ze ginn. Dofir déi Resolutioun, wou mer als Parlament d'Resultater vum Groupe de travail Subsidiarité an hirer Integralitéit ënnerstëtzen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Madame Renée Wagener ass als nächst Riednerin agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Ech wëllt mech un déi Virgab halen, déi mer als Konventionell eis eigentlech ginn hate fir prioritär d'Aarbecht an deene verschiddenen Aarbechtsgruppen duerzestellen, an eise Rieden, ier et da vläicht am Uschloss dozou géif zu méi inhaltlechen Diskussioune kommen. Dofir wäert och mäi Kolleeg Fränz Bausch herno nach eng Kéier d'Wuert huelen.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Ech wëllt dann um Beispill vum Aarbechtsgrupp Rôle vun den Nationalparlamenter demonstréieren, dass d'Aarbecht am Konvent och kann e ganz konkreten Niddersch lag op d'Aarbecht vum Lëtzebuerger Parlament hunn.

Deen Aarbechtsgrupp, an deem ech d'Éier hat Member ze sinn, huet sech mat der Fro befaasst vun der Kontroll vun de Regierungen am Verlaf vum Décisiounsprozess ronderëm déi europäesch Gesetzgebung.

Här President, ech weess net ob een eppes ka maachen, fir datt meng Stëmm besser eriwwer kënnt, well ech hunn d'Gefill, ech misst hei ëmmer ganz haart jäitzen. Vläicht ass et en technesche Problem.

M. le Président.- Da waart, ech probéieren emol.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Wéi gesot, et geet also ëm d'Kontroll vun de Regierungen op d'europäesch Gesetzgebung. Dat ass e Problem, deen a ganz Europa sech stellt, wou et awer Länner gëtt, déi sech besser Instrumenter ginn hu fir déi Kontroll, an aner Länner, wou déi Instrumenter net esou développéiert sinn. An interessanterweis sinn et haaptsächlech déi nei Länner, respektiv d'Kandidatelänner, déi sech do scho méi Gedanke gemaach hunn, niewent natierlech deene skandinavesche Länner, déi ganz wäit fortgeschratt sinn, well Lëtzebuerg gehéiert éischter zu deem Grupp vun den ale Länner an deem alen Europa, déi net esou développéiert Strukturen an deem Beräich hunn.

***(Interruptions)***

Jo, hei ass alles ganz labber, Här Fayot. Dee Prozess vun „scrutiny", wéi dat op englesch genannt gëtt, do hu mer dann eng Rei vu Recommandatiounen an eisem Aarbechtsgrupp festgehalen. Zu deene gehéieren zum Beispill d'Aschreiwe vun der Roll vun den Nationalparlamenter als Kontrollorgan vun de Regierungen, déi am Ministerrot vertruede sinn an den Traité constitutionnel. Eng besser Beliwwerung vun den Nationalparlamenter mat der Dokumentatioun ronderëm Projets de directive an anerer. Ech mengen, do si mir zu Lëtzebuerg nach relativ fein eraus, mä et ginn aner EU-Länner wou dat méi schwiereg ass.

D'Festhalen um Délai vu sechs Wochen tëschent dem Dépôt an den Décisiounen, wéi en am Traité vun Amsterdam virgesinn ass an deen de Parlamenter et géif erméigleche sech an den Entscheedungsprozess anzeschalten. D'Aféiere vun engem Fréiwarnsystem, op deen ech elo net aginn. Den Här Gibéryen huet dee schonn développéiert. Deen ass jo vu sengem Aarbechtsgrupp am Fong entwéckelt ginn. An dann d'Kläre vum Mandat vum COSAC, also den Zesummeschloss vun den Nationalparlamenter vun der Unioun, wat sécherlech e Sujet ass, wou och d'Lëtzebuerger Membere vum COSAC vläicht sech kënnte Gedanke maachen, wéi se do kënnen d'Entwécklunge virundreiwen, déi heiansdo e bëssen zéi schéngen ze sinn. Mä op alle Fall ass geduecht ginn, dass dee COSAC kënnt als Kader dénge fir e besseren Echange um Niveau vun den Informatiounen an awer och vun Aarbechtsmodeller tëschent de parlamentaresche Kommissioune vun alle Länner. De COSAC kënnt dann och méi prezis Lignes directrices ausschaffen, quasi e Katalog vu „best practices", wéi méi eng effikass Kontroll vun de Parlamenter soll ausgesinn.

Da wär och ze klären, ob et sënnvoll wier e Forum ze schafen an deem iwwert déi grouss politesch Orientatioune vun der EU kënnt diskutéiert ginn a wou esouwuel d'Nationalparlamenter wéi och d'EU-Parlament dra vertruede wieren. Dat ass eng Fro, wou dann och d'Propos komm ass vun engem europäesche Kongress. Do sinn d'Meenunge ganz wäit auseneaner gaangen. Et kann een op alle Fall zréckbehalen, dass d'Iddi vum Kongress guer keng Ënnerstëtzung fonnt huet, a wéi wäit et Alternativen zu deem Modell ginn, ass bis elo awer och nach net esou richteg eraus. Dann ass och virgeschloe ginn, dass e kënnt all Joer eng Semaine européenne an all Memberland maachen.

Dat hei sinn also, wéi ech se elo opgezielt hunn, keng contraignant Mesuren, déi do proposéiert gi fir d'Kontroll vun den nationale Regierungen. An d'Argument fir dat eben net contraignant ze maache wor, dass ee jo de Parlamenter, déi autonom sinn, näischt esou kënnt op-

zwéngen. Ech hunn do innerhalb vun deem Aarbechtsgrupp, an deem ech aktiv wor, eng aner Meenung vertrueden. Ech muss och soen, dass ech do esou minoritär wor, wéi een nëmme ka minoritär sinn, well all déi aner eben déi aner Meenung haten, mä ech hu fonnt, et hätt e kënnte wéinegstens an engem allgemenge Saz am Traité constitutionnel festhalen, dass et eng Flicht vun den Nationalparlamenter wier fir sech Moyenë fir dee Contrôle ze ginn. Mä wéi gesot, ech wor do an der Minoritéit. Dat ass vläicht awer e bëssen erstaunlech, wann ee gesäit dass um Niveau vun der Subsidiaritéit d'Problemer net esou grouss woren, fir do méi e prezise System vu Kontroll ze schafen, wou d'Länner sech och an engem gewësse Sënn verflichten, fir sech mat de parlamentareschen Dokumenter vun der EU-Gesetzgebung ausenaner ze setzen.

Fir dass dee lëtzebuergesche parlamentareschen Tiger dann awer och emol Zänn kritt an deem Beräich, hu mir als Gréng gemengt, mir géife Proposen eraginn, fir dass mir selwer hei och emol kënne méi aktiv gi par rapport zu eiser Regierung. Mir hunn déi virun enger Zäitchen déposéiert. Dat si Propositioune fir de Règlement intérieur ze amendéieren a wou eng ganz Rei vu Saache virgesi sinn. Ech gi just e puer Beispiller.

Zum Beispill hate mer geduecht, dass eng Commission des Affaires européennes hei am Haus sollt geschafe ginn, déi den Tri vun den Dokumenter géif maachen déi erakommen, an déi da gegebenefalls géif en Avis ausschaffen oder vun enger Commission sectorielle ausschaffe loossen, fir dass dann eben d'Regierung kënnt eng Ligne de conduite hunn, wa se an Europa geet, an dann eng gewësse Positioun vis-à-vis vun de Projets de directive anhëlt.

Eng weider Propos wor, dass d'Europadeputéiert an alle Kommissioune kënnten als Observateur derbäi sinn. Dat misst der Fraktioun vun der LSAP jo och gutt gefalen. Eng aner wor, dass et heibannen…

***(Interruptions diverses)***

Neen, guer net. Ech hu just gemengt, dat wier eng Fuerderung déi vill Membere vun Iech och aus dem Europaparlament géife vertrieden.

Här President, en anere Virschlag wor, dass et heibannen zum Prinzip géif ginn, dass d'Chamber der Regierung eng Ligne de conduite par rapport zu de Projets de directive géif virschloen, an och dass d'Chamber doriwwer eraus géif iwwert d'Evolutioun vun esou engem Projet de directive informéiert ginn. Et geet net duer, dass ee ganz am Ufank eng Kéier gesot kritt, esou gesäit dee Projet aus, an een dann herno net méi matkritt wéi eng verschidden Tractatiounen do gelaf sinn, wéi eng Ännerungen um Text gemaach si ginn an een dann herno muss feststellen, dass en fin de compte eng ganz aner Direktiv dobäi erauskomm ass, wéi een am Ufank als Nationalparlament geduecht hat.

Dat, wéi gesot, eng Rei vun deenen Iddien, déi mer a Form vun enger Revisioun vun eisem Règlement intérieur erageréecht haten. Wann ee wëllt méi a Richtung vun enger Stäerkung vun Europa goen, woufir mir als Gréng och antrieden, da muss ee sech awer op där anerer Säit och de Corollaire ginn, den Afloss vun den Nationalparlamenter op d'Regierungen am Virfeld vun der Schafung vun deenen neien europäesche Gesetzer méi grouss ze maachen.

An dofir drängt sech zu Lëtzebuerg eiser Meenung no esou eng Reform vun deene Kontrollinstrumenter op. Ech hu verlaude gehéiert, dass den Echo bis elo ganz positiv wor heibannen op déi dote Propositiounen. Ech hoffen, dass et dann och um Niveau vun der Commission du Règlement geschwë kann zu méi konkreten Diskussioune kommen. Här President, dat zu deem Aarbechtsgrupp an deem ech Member wor.

Ech wëllt da just nach um Schluss e puer Wuert soen zum Traité constitutionnel. Et ass jo elo am Konvent esou wäit, dass konkret um Text vun esou engem Traité geschafft gëtt. Déi gréng Memberen am Konvent hu sech do fir eng ganz Rei vu Sujeten agesat, ënner anerem dofir dass Sujeten an deen Traité ageschriwwe gi wéi Chancëgläichheet tëschent Fraen a Männer, de Schutz vun der Ëmwelt an och nach eng ganz Rei vun anere Punkten. Mir hoffen, an dem Här Fayot säi Projet de résolutioun deit jo och drop hin, dass d'Lëtzebuerger Chamber dat och esou gesäit.

Mir géifen et awer ganz wichteg fannen, dass d'Iddi vun de Services d'intérêt général an där neier Verfassung géife verankert ginn, well soss riskéiere mer, dass wichteg Missioune vun der EU deem suspekte Wierke vun engem Här Lamy kéinten zum Opfer falen. Wéi gesot, den Här François Bausch wäert herno nach op déi méi inhaltlech Punkte par rapport zu deem Traité an och zum Konvent Stellung huelen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Merci, Madame Wagener. Den nächste Riedner ass den Här Urbany. Dir hutt d'Wuert, Här Urbany.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Dësen EU-Konvent soll jo der Europäescher Unioun e verfassungsrechtleche Kader ginn, a bei esou engem regelrechten Acte fondateur vun enger neier Unioun, hätt ee sech jo kënnen denken, dass déi europäesch Bevölkerung op eng äusserst breet an demokratesch Aart a Weis mat an déi Aarbechte géif agebonne ginn.

Mä wat ass geschitt? De Konvent beschränkt sech op Regierungs- a Parlamentsmemberen a léisst déi vill beschwueren Zivilgesellschaft dobaussen. De Konvent ass domat e Spigelbild vun der Regierungsmethod an Europa, déi jo vun Ufank un dora bestanen huet, dass déi legislativ Muecht am wesentlechen an den Hänn louch vun den europäesche Regierungen, a wann do einschneidend Décisioune geholl ginn op den EU-Ministerréit, also vun eiser Regierung mat, da brauchen déi Regierungen herno hire Wieler nëmmen ze erklären, déi onpopulär Moossnamen déi wieren all zu Bréissel décidéiert ginn, dat géif net méi an hir Kompetenz falen.

Här President, am Punkt 2 vum Artikel 3 vum „Projet de texte des articles du traité instituant une constitution pour l'Europe", deen dem Konvent virläit, steet, dass déi nei Unioun eng Politik ustrieft „visant le plein emploi et générant de hauts niveaux de compétitivité et de hauts niveaux de vie".

Wat mech un Europa esou faszinéiert, dat ass déi permanent Spannung tëschent de Proklamatioune vun den offiziellen Texter an de Realitéiten um Terrain.

Wéi kann een eng héich Kompetitivitéit, wéi se an den neoliberalen Denkmustere jo verstane gëtt, verbanne mat enger héijer Liewensqualitéit a mat der Vollbeschäftigung? Dat ass déi Fro, déi ech hei wëll opwerfen.

Mir gesinn et jo all Dag, fir kompetitiv ze bleiwe gëtt d'Kapital ëmmer manner besteiert, d'Sozialkäschte ginn esou déif wéi nëmme méiglech erofgedréckt, d'Aarbechtskonditioune gi fir déi Betraffen ëmmer méi flexibel, ëmmer méi schlecht an endege ganz dacks bei Këmnegungen a Failliten.

Säit dem Ufank vun den 90er Joren huet d'Kommissioun ugefaangen déi öffentlech Déngschtleeschtunge mat enger richteger Salamitaktik ze privatiséieren. Et huet ugefaange mat den Telekommunikatiounen, du koum den Transport, de Stroum, de Gas an dann d'Post, a muer ass et wahrscheinlech d'Gesondheetswiesen an d'Schoul. Ech froe mech, wéi een ënner esou Bedingungen eng héich Liewensqualitéit kann erreechen?

De Pacte de stabilité, dee jo zu Maastricht beschloss ginn ass, stellt eng ganz Rei vun äusserst rigide budgetäre Kritären op. Mer hu schonn d'lescht Joer gesinn, dass verschidde Länner wéi Däitschland oder Portugal sech net méi un déi Kritäre kënnen halen, wat den öffentlechen Defizit ugeet.

A wann elo esou Länner bäikomme wéi déi Tcheschech Republik, Ungarn, Slowenien, d'Slowakei oder Polen, da muss ee feststellen, dass déi jo en niddregt Duerchschnëttsakommes pro Kap hunn, dat bei nëmmen 53% vum europäeschen Duerchschnëtt läit. Fir déi baltesch Länner sinn dat nëmme 37%. Anersäits hunn déi dräi äermsten EU-Länner, Griicheland, Portugal a Spuenien, e PIB am Joer 2000 vun 78% par rapport zum europäeschen Duerchschnëtt gehat. Dorunner gesäit e jo ganz gutt d'Kluft tëschent den aktuellen EU-Memberen an deenen neie Bäitrëttslänner.

Ekonomisten hunn ausgerechent, dass d'Bäitrëttslänner an deenen nächste Jorzingten e Wuesstum misste kréien, deen zweemol esou héich läit wéi dee vun den EU-Länner, wa se wëllen op den Niveau komme vun deene räichste Länner an Europa. Dat ass awer incompatibel mat de Kritären, déi am Maastrichter Vertrag festgehale goufen, wéinstens wann een ustrieft dass dee Wuesstum soll sozial verträglech sinn. Dat setzt natierlech héich Sozialbudgeten och an deene Länner viraus.

Ech wëll e weidert Beispill ginn. Et gouf an Europa eng Entwécklung ageleet fir de Finanzmäert vill méi Gewiicht anzeraumen. D'Investitiounsfonge wéi och d'Pensiounsfonge sollen encouragéiert ginn. Déi national Regularisatiounsmechanisme sollen op enger minimalistescher Basis harmoniséiert ginn an all Barrièrë géint d'Finanztransaktioune sollen ofgeschaaft ginn. Lëtzebuerg mat senger Bankeplaz gehéiert zu deenen dreiwende Kräfte vun där Entwécklung. Dat stellt awer à la longue d'Finanzéierung vun de Budgeten a vun de soziale Servicer an deenen eenzelne Länner a Fro. E klenge Virgeschmaach dorobber hu mer jo kritt, wéi mer iwwert de Budget hei virun ongeféier zwee Méint diskutéiert hunn.

Här President, wann een déi konkret ekonomesch a finanziell Politik vun der Europäescher Unioun betruecht, da fält op wéi allgemeng an inhaltslos de konkrete Contenu vun deem ass, wat dat soziaalt Europa soll an Zukunft duerstellen.

Ech hunn hei en Zitat fonnt vum Här Juncker, dat nach zimlech rezent ass, zu Bréissel gehalen an enger Ried de 15. Mee 2001, wou hie gesot huet: „Depuis tant d'années j'ai entrepris un pèlerinage. L'Europe souffre d'un énorme déficit social", huet de Pilger Juncker festgestallt.

An der Charte des droits fondamentaux de l'Union européenne, déi um Konvent vum Joer 2000 verfaasst gouf, feelen eng ganz Partie konkret Rechter. Dozou wëll ech aus dem Robert Badinter sengem Artikel am Monde vum 20. Juni 2000 zitéieren, wou e seet: „A défaut de reconnaissance, par tous les Etats de l'Union (…) de droits économiques et sociaux au contenu précis, à la portée étendue et qui expriment l'idendité sociale, mieux vaudrait renoncer au projet de Charte. Car, si celle-ci devait marquer un renoncement à la reconnaissance dans l'Union des droits sociaux que la France tient pour fondamentaux, alors la Charte constituerait, non pas l'affirmation d'un progrès, mais l'expression d'un recul au regard de nos valeurs fondamentales de solidarité et de justice sociale."

Abee, et ass déi relativ inhaltlos Charte vun de Grondrechter, déi elo onverännert soll an déi nei europäesch Verfassung integréiert ginn, an domadder eng onzefriddestellend Basis duerstellt fir d'Zukunft op där eng sozial Kohesioun vun de Länner an Europa kaum nach méiglech ass.

**M. le Président.**- Här Urbany, den Här Fayot wëllt lech eng Fro stellen.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- D'accord, wann ech déi Interruptioun herno bei meng Riedezäit derbäi gerechent kréien.

**M. Ben Fayot** *(LSAP).*- Et ass ganz kuerz, Här Urbany. Ech wollt lech just drop hiweisen, dass an der Charte des droits fondamentaux, vläicht nodeem dass den Här Badinter deen Artikel geschriwwen hat, awer e relativ ausféierlecht Kapitel iwwer „solidarité", wou all déi Sozialrechter dra sinn, ugeholl ginn ass an dat Partie intégrante vun der Charte des droits fondamentaux ass.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Ech weess, Här Fayot, dass déi Charte des droits fondamentaux verbessert ginn ass a verschiddene Punkten, nodeem se ganz hefteg kritiséiert gi war, mä se bleift awer ëmmer nach onzefriddestellend, well soss hätt jo net den Här Juncker kënnen déi deprimant Feststellung hei maachen, e Joer nodeem déi Charte eréischt ugeholl ass, wou e seet „l'Europe souffre d'un énorme déficit social". Ech mengen, dat ass jo awer eng kloer Ausso, oder ass dat nëmmen eng polemesch Ausso gewiescht?

**M. Ben Fayot** *(LSAP).*- Dat ass jo de Problem. D'Charte fir den Ableck ass eng Deklaratioun, a wat mer wëllen um Konvent maachen, dat ass fir se bindend-contraignant ze maachen.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Contraignant an deem aktuelle Contenu.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG).*- Et ass noutwendeg déi dote Charte bindend-contraignant ze maachen, well se geet net immens wäit. Si ass ënnert deem, wat an onser nationaler Gesetzgebung steet.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Voilà, wat ech wollt soen, si gëtt contraignant an hirem aktuelle Contenu gemaach. A si gëtt esouguer nach, mengen ech, fir zéng Joer festgeschriwwen. Dir kënnt mech do vläicht corrigéieren, wann ech mech ieren. Se däerf zéng Joer laang net geännert ginn. Esou ass et virgesinn. Dat heescht, do gëtt och nach e Status quo festgeschriwwe vun där Charte, déi - an ech bleiwen där Meenung -, Här President, absolut onzefriddestellend ass. An dat ass vu ville Säite kritiséiert ginn, ënner anerem vun de Gewerkschaften, Här Fayot, ass dat jo awer ganz däitlech gesot ginn.

D'Gewerkschaften iwwregens, déi jo zesumme mat aneren Associatiounen hei op Ären Hearing komm waren an déi do zu deem Europakonvent eng ganz Partie vu konkreten Analysen a Propositiounen erabruecht hunn, fir deen europäesche Verfassungsprozess mat Liewen ze fëllen, am Interesse vun enger harmonescher a sozialer Entwécklung vun alle Leit déi hei schaffen a wunnen. Mä et gesäit awer net esou aus - an do misst Dir mech vläicht dann erëm eng Kéier corrigéieren -, wéi wann déi Uleiesse vun de Gewerkschaften, déi se hei ausgedréckt hunn, och hiren Nidderschlag am europäesche Konvent géife fannen. Et gesäit éischter esou aus, wéi wann déi bestehend Institutiounen an déi bestehend politesch Linnen an Europa géife weidergefouert ginn ënner enger neier Verpackung.

Dobäi sinn ech awer der Meenung, dass esou Fuerderunge bestëmmt net op wirtschaftlech Barrièrë stoussen, mä ganz kloer op politesch an ideologesch Barrièren, an esou laang wéi déi neoliberal Dogmen an Europa, déi jo awer op ganz knallhaarde wirtschaftlechen Interesse berouen, esou laang wéi deen neoliberale Mainstream hei an Europa virherrscht, besti wéineg Chancen dass déi berechtegt Fuerderunge vun de Gewerkschaften och géifen ëmgesat ginn.

Mä ech sinn awer och op där anerer Säit der Meenung, dass de Widderstand an Europa sech lues a lues mécht, an dass d'Alternativen op deene verschiddene Gebidder lues a lues ufänken sech ze preziséieren an, wat ech virun allem wichteg fannen, ze koordinéieren, och tëschent deene verschiddenen Interessen, de sozialen Interessen op där enger Säit, den Ëmweltinteressen op där anerer Säit an och deenen neien Interessen, déi sech de Moment zum Beispill an der Friddensbewegung weisen.

Wann ech verschidde Leit heibanne gesinn, déi schéngen depriméiert ze sinn, dass dat mat der europäescher Friddens- a Sécherheetspolitik de Moment net esou virugeet, da soen ech: Ech si guer net depriméiert doriwwer, ech freeë mech, dass 80% vun de Leit an Europa der Meenung sinn an Hoffnung fir d'Zukunft hunn, dass et zum Fridde kënnt a soen: De Fridde muss garantéiert ginn an et däerf net zu engem Krich am Irak kommen.

An ech mengen, wat mer brauchen - an dat wëll ech dann zum Schluss nach eng Kéier soen - dat ass keen Europa wat ee „global player" ass, mat enger Aussen- a Militärpolitik, déi virun allem dofir do ass fir d'Mäert op der Welt ze sécheren, mä wat mir brauchen, dat ass eng Welt wou jiddfereen zielt - fir e Slogan ze huele vun der CSV -, och d'Kanner am Irak.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Urbany. Den nächste Riedner ass den Här Emile Calmes. Dir hutt d'Wuert, Här Calmes.

**M. Emile Calmes** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären: „La mission de l'Europe aujourd'hui est de trouver sa conscience et sa responsabilité dans le sens le plus profond du terme, c'est-à-dire responsabilité non seulement à l'égard de sa propre architecture politique, mais envers le monde dans son ensemble." Dat Zitat vum Vaclav Havel beschreift, esou wéi ech mengen, am beschten déi zwou Erausfuerderunge mat deenen déi Europäesch Unioun haut confrontéiert ass.

Déi Europäesch Unioun muss hir politesch Architektur preziséieren, méi effizient gestalten, méi verständlech maachen, méi erkennbar maachen, fir eben déi Responsabilitéiten an der Weltgemeinschaft anzehuelen, zu deenen hir Memberstaten sech scho laang verpflicht hunn, an deenen si sech schonns nëmmen eleng wéinst hirem Poids démographique, économique a politique an der Welt net entzéie kann a wëllt.

Haut an dësen Zäiten, déi gepräegt sinn duerch d'Onsécherheet, wou d'Welt den Otem unhält, wier et natierlech wichteg, dass déi Europäesch Unioun eng kloer Linn hätt. Déi Europäesch Unioun huet eng Verantwortung virun der Weltgemeinschaft fir eng Positioun ze vertrieden. Déi Europäesch Unioun huet och eng Verantwortung vis-à-vis vun hire Bierger. Hir Verantwortung ass et fir hinnen ze weisen, dass si sech op si verloosse kën-

nen, an dat wier och deen eenzege Moyen fir der Onsécherheet entgéint ze wierken.

Et brauch een net e grousse Spezialist oder Ekonomist ze si fir ze verstoen, dass d'Politik, wa se keng eenheetlech Haltung huet, d'Onsécherheetsgefill verstäerkt an domadder d'Marchéë veronséchert. Egal wiem seng Positioun méi richteg oder méi falsch ass wéi déi vun deem aneren, dat huet den Désavantage datt d'Positiounen net eenheetlech sinn an domadder kee Gefill vu Sécherheet vermëttelen.

Or, ebe just grad dat ass et, wat eng vun den Haaptmissioune vun der Europäescher Unioun ass. Déi aktuell weltpolitesch Situatioun wëllt eben, dass déi Europäesch Unioun elo während dem Reformprozess, dee se elo säit engem Joer ageschloen huet, schonn e Wee fanne muss fir hir Unitéit ze beweisen.

Et gi Leit déi elo soen dat wier net gutt fir de Konvent a seng Aarbechten. Ech mengen et kann een en fin de compte soen, datt et em och net schuet. Déi Situatioun an där mer elo si beweist just emol méi wéi urgent et ass, dass déi Europäesch Unioun sech esou organiséiert, dass se aussepolitesch eng Linn festleet, déi se vertrëtt, a wou keen op d'Iddi kënnt Cavalier seul ze spillen. Ee vun den Ziler vum Konvent soll et jo ebe just grad sinn déi Europësch Unioun de Bierger méi no ze bréngen. Et soll e Gemeinschaftsgefill an en Identitéitsgefill entstoen, wou een zugläich houfreg op seng Diversitéit an op seng Gemeinsamkeeten ass, an déi een dann och no bausse vertrëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir dat ze erreeche muss déi Europäesch Unioun reforméiert ginn. Spéitstens no den Diskussiounen ëm den Traité vun Nice huet een erkannt, oder besser gesot wollt een endlech erkennen, dass déi Europäesch Unioun à terme net méi richteg fonctionnéiere kéint, an dat besonnesch en vue vun hirem gréissten Elargissement säit hirem Bestoen.

Ech ginn a menger Interventioun net op alleguer d'Punkten an, déi am Konvent diskutéiert gi sinn, déi vun de Kolleegen a Kolleeginnen, déi d'Chamber am Konvent vertrieden, elo in extenso erkläert goufen, déi awer alleguerten e wichtege Bäitrag fir d'Ausschaffe vun enger Constitutioun sinn.

Mä nieft deene Punkten ass et genau esou wichteg fir en Zesummespill zwëschent den Institutiounen, dem Conseil, der Kommissioun an dem Europaparlament méi kloer demokratesch an transparent ze gestalten. Domadder erreecht een, dass d'Institutioune fir de Bierger besser verständlech an him méi no bruecht ginn. Déi Europäesch Unioun kann och do nëmmen u Visibilitéit gewannen, wa se dat mécht.

Am Rapport iwwert d'Conférence intergouvernementale, déi den Här Fayot an ech selwer hei virgestallt hunn, hat d'Commission des Affaires étrangères folgend Remarke gemaach: „Il ne faut pas perdre de vue que la réforme des institutions concerne le triangle institutionnel de l'Union européenne, c'est-à-dire le Conseil de l'Union européenne, la Commission européenne et le Parlement européen. D'ailleurs le triangle institutionnel suggère, et c'est bien le but recherché, que ces trois institutions soient étroitement liées entre elles. Ces trois institutions se trouvent dès leur création dans une interdépendance équilibrée."

Déi Interdépendance équilibrée soll och no de Reforme bestoe bleiwen, just soll d'Legitimitéit vun den Décisiounen, déi am Triangle institutionnel ausgeschafft ginn, verstäerkt ginn, andeem de legislativen an exekutive Prozess méi verständlech demokratesch an effizient gestallt gëtt.

Dat bedéngt natierlech och, datt déi Institutiounen intern reforméiert ginn, fir deenen Usprech gerecht ze ginn. De Rôle vun der Kommissioun, dem Moteur de l'intégration européenne, wéi ëmmer gesot gëtt, muss gestäerkt ginn, dat besonnesch am Hibléck op den Elargissement. Dat soll duerch de Kommissiounspresident geschéien, dee vum Europaparlament gestëmmt soll ginn, an da vum Conseil um Niveau vun de Stats- a Regierungschefe mat enger qualifizéierter Majoritéit approuvéiert gëtt.

An enger erweiterter Unioun ass et kloer, dass d'Zuel vun de Commissairen erofgesat muss ginn an all d'Länner gläichgestallt sinn an an der Kommissioun no engem gerechte Rotatiounsprinzip vertruede musse sinn, esou wéi dat schonns am Traité vun Nice festgehale ginn ass. D'Kommissioun, déi weider nom Kolleegialitéitsprinzip fonctionnéiere soll, an déi exklusiv d'Recht op déi legislativ Initiativ hu soll, soll och responsabel si virum Europaparlament an dem Conseil. Wat elo déi legislativ Fonctioune vun der Kommissioun ubelaangt, esou sollen déi weider gestäerkt a confirméiert ginn. D'Europaparlament soll verstäerkt mat an de legislative Prozess mat ageschloss ginn, notamment duerch eng Ausweitung vun der Codécisioun.

A puncto Exekutiv soll d'Kommissioun d'Applikatioun vum europäesche Recht nach méi intensiv kontrolléieren am Zesummespill mat der Cour de justice européenne. Dat soll och gëlle fir d'"grandes orientations de politique économique", deenen hir Applikatioun méi effizient op pluriannueller Basis opgestallt soll ginn. An deem Kontext soll d'Kommissioun och e verstäerkte Rôle an der Iwwerwaachung vum Pacte de stabilité kréien.

Fir elo op de Conseil européen ze schwätzen ze kommen, esou ass et och do néideg, dass Reforme gemaach ginn, mä awer net där, déi en fin de compte riskéiere géifen d'Gläichstellung vun alle Memberstaten, déi an der Unioun sinn, a Fro ze stellen. Duerfir ass et och net opportun, dass een e President vum Conseil fir eng länger Zäit nominéiert.

Grad den Turnus an der Présidence vum Conseil gëtt alle Memberlänner d'Geleeënheet déi europäesch Politik emol eng Kéier vun hirem Standpunkt aus ze beaflossen, dat natierlech awer an enker Kollaboratioun mat deenen anere Memberlänner. D'Présidence tournante erlaabt et och, esou wéi dat bis elo ewell de Fall war, deene Bierger vun deem Land, wat d'Présidence huet, Europa méi no ze bréngen.

De Conseil européen, wou d'Stats-a Regierungschefe vertruede sinn, soll jiddefalls grouss politesch Orientatioune festhalen. De Conseil européen arrêtéiert och de Programme pluriannuel op Basis vun enger Propositioun vun der Kommissioun. Dat Zesummespill zwëschent den Institutiounen, wou op där enger Säit d'Kommissioun hir Propositioune mécht, d'Europaparlament duerch d'Codécisioun verstäerkt implizéiert gëtt an de Conseil Décisiounen hëlt, kann nach verstäerkt ginn. Ech halen duerfir déi Propositioune vum Benelux fir ubruecht, an deene gesot gëtt dass de Conseil Affaires générales vum President vun der Kommissioun presidéiert gëtt an de Conseil Relations extérieures vum Haut Représentant oder vum Commissaire, deen eng duebel Kap soll droen, presidéiert ginn. Ech halen et fir effektiv unabdingbar, esou wäit wéi ech et schonns am Ufank vu menger Interventioun ënnerstrach hunn, dass déi Europäesch Unioun sech an hire Relations extérieures besser artikuléiert an hir Positioun vun enger Personnalitéit vertratt gëtt. Dat soll souwuel de Fall sinn an der gemeinsamer europäescher Sécherheetspolitik wéi awer och an der Verteidegungspolitik.

Jiddfereen, dee sech e bësse mat Aussepolitik beschäftegt, weess, dass eng Aussepolitik nëmme komplett ka si wann hir alleguerten d'Moyenen zur Verfügung stinn, déi esou eng Politik ausmaachen. Fir unzefänke muss awer duerfir eng Entitéit, an dësem Fall déi Europäesch Unioun, an deene groussen internationalen Organisatioune vertruede sinn, déi fir d'Anhale vum Droit international asteet. Déi Europäesch Unioun konnt dat bis ewell net, well si iwwer keng Personnalité juridique verfüegt huet. Am Konvent ass d'Meenung opkomm, dass een déi international Organisatiounen opfuerdere soll hir Statuten ze änneren. Ech sinn der Meenung, dass, wann ee sech eng Constitutioun gëtt, een dann och eng Personnalité juridique unique sollt hunn.

En anert Element ass dat - an dat hu mer jo am Kader vun aneren Diskussiounen hei schonns oft genuch gesot -, dass eng Aussepolitik eng militäresch Komponent muss hunn. Dat wëllt net heeschen, dass déi en finalité agesat gi soll, mä si soll als Drockmëttel dénge kënnen an eis erlabe Krisen op eisem Kontinent eleng Meeschter ze ginn oder Memberen oder anere Frënn aus der internationaler Gemeinschaft zu Hëllef ze kommen. Ech ënnerstëtzen och, dass ee Mesuren huele kann, déi et erlabe schnell op Krisesituatiounen ze reagéieren. Duerfir sti mer och favorabel der Auswäitung vun de Petersberg-Missioune géigeniwwer. Alles dat sinn Elementer, déi eng kohärent Aussepolitik ausmaachen an déi déi Europäesch Unioun sech soll ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll e weidere Sujet opwerfen, dee mir nach um Häerz läit, an dat ass dee vun dem Rôle vun den nationale Parlamenter. An deene 14 Joer, wou ech elo hei an der Chamber sinn, hunn ech leider musse feststellen, dass ganz Décisiounen, déi um europäeschen Niveau geholl gi sinn, oft méi oder manner laanscht d'Chamber gelaf sinn. Mir ginn zwar vun eiser Ausseministesch regelméisseg informéiert, wat um europäeschen Niveau geschitt, mä trotzdeem gëtt eisen Avis eréischt gefrot, wann um Niveau vum Conseil schonn alles gelaf ass. Duerfir begréissen ech et, dass am Kader vun der COSAC - Conférence des organes spécialisés dans les affaires communautaires - d'Berodungen an d'Echangë verstäerkt solle ginn.

Mir sinn och der Meenung, dass et eng gutt Saach ass, dass den nationale Parlamenter d'Méiglechkeet soll ageraumt ginn, e Contrôle ex ante ënnert der Form vun enger Alerte précoce ze maachen, wat de Respekt vum Subsidiaritéitsprinzip vun de legislative Propositiounen, déi zu Bréissel diskutéiert ginn, garantéiere géif. Och dat, Här President, soll et erlaben déi Europäesch Unioun hire Bierger méi no ze bréngen, wann hir gewielte Vertrieder aus den nationale Parlamenter iwwert dat matschwätze kënnen, wat zu Bréissel décidéiert gëtt.

Par contre si mer der Meenung, dass e sougenannte Congrès des peuples keng Plus-valuë bréngt, weder fir déi Europäesch Unioun de Bierger méi no ze bréngen, nach fir eng méi grouss demokratesch Legitimitéit ze erreechen. Au contraire, eng weider Institutioun géing déi Europäesch Unioun, nodeems mir se da vläicht méi verständlech organiséiert hätten, erëm méi komplex maachen. Wann an deene Mesuren, déi de Konvent elo ausgeschafft huet, d'Iddi vun enger Unioun vun de Staten an de Völker weider respektéiert gëtt - an dat schéngt jo de Fall ze sinn -, dann hu mer eng demokratesch Legitimitéit, déi déi Europäesch Unioun bis ewell nach net hat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Konvent huet eng ganz Rei vu Propositiounen ausgeschafft, déi der Missioun vum Conseil vu Laeken gerecht ginn. Wa mer gären hätten, dass déi Europäesch Unioun eng Unioun vun de Staten an de Völker ass, wou et méiglech gëtt e reellt Gemeinschaftsgefill ze entwéckelen, dann däerfe mer dës Chance net verpassen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. De leschte Riedner, deen ageschriwwen ass, ass den Här François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wëll de Mëtteg am Kader vun dëser Debatt zwee Themeberäicher uschneiden. Deen een ass deen iwwert dat soziaalt Europa an deen zweeten ass deen iwwert dat ekologescht Europa.

Zum éischte Punkt ass ze soen, dass, wat dat soziaalt Europa ubelaangt, mir bedaueren, dass dee Punkt ze kuerz komm ass am Kader vun den Diskussiounen iwwert de Konvent. Et muss een drun erënneren, dass eigentlech am Kader vum Konvent deen Aspekt quasi vergiess gi war an dass eréischt am November dat lescht Joer en Aarbechtsgrupp agesat ginn ass, deen en Text sollt ausschaffen. Et ass eigentlech esou, dass dat Eenzegt wat gesot ginn ass am Ufank vum Konvent, dat war dass géif versicht ginn - ebe wéi den Här Fayot virdu vermierkt huet -, dass d'Charta vun den Droits fondamentaux quasi soll integréiert ginn an de Projet vun der Constitutioun.

Ech mengen ech sinn do awer éischter dem Här Urbany senger Meenung, dee virdu gesot huet dass dee ganze sozialen Aspekt, deen am Text vun den Droits fondamentaux enthalen ass, eigentlech immens schwaach formuléiert ass a ganz oft wäit hannert deem bleift, wat et haut schonn u soziale Rechter an deenen eenzelnen Nationalstate gëtt. Dat ka sécherlech net déi allerbeschte Léisung sinn am Kader vun der Diskussioun am Konvent iwwert d'Schafe vun engem Projet de constitution, fir deen Text als Basis ze huelen.

Et ass och esou, dass eigentlech deen Aarbechtsgrupp am November nëmmen agesat ginn ass, well d'Conférence européenne des syndicats Drock an eng immens staark Lobbyaarbecht gemaach huet, well soss wier wahrscheinlech deen Aarbechtsgrupp do net agesat ginn. Et ass dunn esou gewiescht, dass natierlech zu engem gewëssene Moment verschidde Parteien, déi och am Europaparlament vertruede sinn, d'Gewerkschaften ënnerstëtzt hunn, fir dass deen Aarbechtsgrupp sollt agesat ginn. Fakt ass awer, dass en eréischt am November, also ganz spéit, wéi d'Debatte scho längst amgaange waren, agesat ginn ass, an dass mir elo eréischt de 4. Februar dëst Joer de Rapport vun där Kommissioun kréie konnten, wat natierlech net glécklech ass, well mir jo awer wëssen, dass an enger Rei vun anere Sujeten, déi virdrun hei ugeschnidde gi sinn, an der Diskussioun alles scho vill méi verdéift ass an dass de Risiko elo reell ass, dass do vill méi konkret Saache wäerte festgehale gi wéi zum Aspekt Sozialpolitik an Europa.

Fir eis als Gréng ass dee Volet niewent deem vun der Nohaltegkeet am Allgemengen an der Ekologie awer e ganz wesentlechen, well wa mer iwwert déi politesch Eenheet vun Europa schwätzen an doriwwer diskutéieren, ob déi politesch Eenheet bedrot ass, dann ass et fir mech awer kloer, da maachen ech dat un alleréischter Stell un deenen dote Volete fest, an net esou un der gemeinsamer europäescher Aussen- a Sécherheetspolitik, och wann dat e wichtegt Thema ass.

Den Zesummenhalt vun der Europäescher Unioun kënne mer awer nëmmen eng Kéier kréien, wann déi Europäesch Unioun e Raum gëtt, wou sozial Sécherheet, Gerechtegkeet a Solidaritéit eescht geholl ginn, wou dat zum Grondgedanke gehéiert vun der ganzer Politik an Europa a wou sozial Sécherheet, sozial Gerechtegkeet, eng nohalteg an eng ekologesch Entwécklung kombinéiert zesummen dofir suergen, dass d'Leit, esou gutt wat de Wuelstand ubelaangt wéi iwwerhaapt an hirem Alldagsliewen, spieren, dass dat hinnen eppes bréngt, an deementspriechend dee sozialen Zesummenhalt, dee mer haut nach net hunn an Europa, doduerjer kënnt.

Ech maache mir awer allerdéngs keng Illusiounen, wann ech kucke wéi d'Realitéit de Moment ass. Ech fannen do den Dissens, dee mir an Europa hunn, vill méi grave fir d'Zukunft vun Europa wéi deen an der Aussepolitik. Et sinn zwar déi nämlecht Länner - dat muss een natierlech dobäi soen -, déi bei der Aussepolitik bremsen, déi och hei am meeschte bremsen. Et ass virun allem England a Spuenien, déi sech mordicus wiere géint all méi verstäerkten, verdéifte Sozialpolitik zum Beispill an Europa, déi carrément dergéint sinn dass déi communautaire Kompetenz am soziale Beräich soll erweidert ginn. Dat huet domat ze dinn, dass natierlech a Spuenien eng Regierung um Pouvoir ass, déi méi neoliberal ass - kann ee bal soen - wéi all déi aner Länner zesummen.

Leider gëtt et an England eng Regierung, déi och extrem neoliberal ausgeriicht ass. Dat ass zwar leider eng, déi vun enger Labour-Partei regéiert gëtt, woubäi ee sech als Gréngen, wann een den Här Blair entre-temps héiert diskutéieren - an dat net nëmmen zum Irakkonflikt -, eigentlech bal misst freeën, wann déi Konservativ bei den nächste Wahle wannen, vu dass an England jo esou en ondemokratesche Wahlsystem ass, dass een iwwerhaapt kee Choix huet fir eppes aneschters ze kréien, eleng fir de Fakt ze kréien, dass den Här Blair endlech ofgewielt gëtt.

Ech sinn awer net esou masochistesch, well ech jo awer weess, wat déi Konservativ duerstellen, an dass déi an den achzeger Joren ähnlech Saache gemaach hunn. Et ass eigentlech bedauerlech, dass deen ondemokratesche Wahlsystem an England et kaum méiglech mécht, dass mer an den nächste Joren eng Alternativ wäerte kréien.

Déi Gréng hunn an England bei Europawahle 15% vun de Stëmme kritt, wat jo bestëmmt kee schlecht Resultat ass, mä dat ass emol net duergaange fir e Sëtz ze kréien, Här Jung. Dat ass dat wat ech gemengt hu mam ondemokratesche Wahlsystem. Et ass e gutt Beispill, wat eigentlech beleet firwat dass…

***(Interruptions diverses)***

Här Fayot, eigentlech ass dat och ee Punkt, dee mech optimistesch stëmmt, dass duerch den Drock, deen um Niveau vun der Europäescher Unioun ass, fir zimlech en ähnleche Proporz an alle Länner vun der Unioun anzeféieren, dass dat dozou féiert, dass mer dee bipolare System, dee mer an England hunn, eng Kéier opgebrach kréien.

Ech mengen, et ass awer zimlech kloer, dass mer hei konfrontéiert sinn, duerch de Fait dass England a Spuenien duerch hir Politik alles bremsen, mat enger Situatioun déi et och an engem gewësse Mooss risikohaft mécht, fir einfach esou blannemännerchers ze soen, mir ginn hin a mir verlageren elo déi ganz Kompetenzen op de communautairen Niveau. Am meeschte bedaueren ech awer, dass et emol net fäerdeg bruecht ginn ass an deem doten Aarbechtsgrupp e wichtegt Thema mat ze integréieren, nämlech dat fir ze kucken eng Definitioun ze kréien, wat ass e Service public an Europa, a fir dofir ze suergen iwwert deen doten Aar-

bechtsgrupp, dass mer och eng Verankerung kréien an dee Pabeier, deen do soll erauskommen, deen ee fir allemol sech wiert géint déi Tendenz, déi awer de Moment staark vertrueden ass an der Europäescher Unioun fir ze privatiséieren auf Teufel komm raus, an deementspriechend öffentlech Déngschtleeschtungen am Endeffekt quasi ofzeschafen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Mir sinn als Gréng der Meenung, dass eigentlech op deem dote Gebitt néng Punkte wichteg wieren. Dat éischt ass, dass emol misst d'sozial an d'ekologesch Maartwirtschaft, dat heescht de Respekt vun nohalteger Entwécklung, gesond Ëmwelt, Erhalung vun eisem Naturiewen, Déiereschutz, gesond Nahrungsmëttel an en europäesche Sozialmodell, misst e Verfassungszil gi vun der Europäescher Unioun.

En zweete Punkt ass, dass mer mengen, dass eng europäesch Wirtschaftspolitik misst endlech méi eescht geholl ginn, dass déi misst méi verankert ginn an der Unioun an dass déi effektiv all bannemaart-relevant Beräicher betreffen, dat heescht och de Steierberäich. Vu que dass de Problem vun der Kapitalertragssteier elo emol provisoresch geléist ass, sinn ech elo méi wéi jee der Meenung, dass ee misst do gemeinsam schaffen, well mer elo als Lëtzebuerg, vu que dass mer et net fäerdeg bruecht hunn de Volet vun de Betribssteieren ze kombinéieren un déi dote Fro, grouss Risikë lafen, dass mer um Niveau vun de Betribssteieren zum Beispill esou e staarken Dumping kréien, dass et eigentlech an d'Richtung geet dass d'Finanzkapazitéit vun deenen eenzelne Memberstaten, an deementspriechend och vun der Europäescher Unioun, gefährdet ass mat alle Konsequenzen, déi dat mat sech bréngt, an déi mer och am Moment zu Lëtzebuerg schonn ze spiere kréien.

En drëtte Punkt ass, dass mer musse gemeinsam sozial Mindeststandarden an Europa kréien. Ee wichtegen Aspekt dovunner ass, dass mer et endlech musse fäerdeg bréngen en europäesche soziale Mindestloun ze schafen. Mä dat geet awer domadder net duer. Mir mussen et fäerdeg bréngen, dass déi Mindeststandarden esou wäit gefächert ginn, dass net eng Erosioun entsteet vun den nationale Sozialsystemer, déi mer haut kennen. De Risiko vu Sozialdumping, duerch de Fakt dass mer keng Mindeststandarden hunn, ass immens grouss a gëtt ëmmer méi grouss.

E véierte Punkt ass dee wou ech scho virdru gesot hunn, dass öffentlech Déngschtleeschtunge musse vun der Unioun als allgemeng Interessen unerkannt ginn an deementspriechend och musse gemeinsam Kritären entwéckelt ginn a festgehale ginn, déi einfach ofsécheren, dass net all öffentlech Déngschtleeschtungen um Altor vu GATS oder wat och ëmmer an den nächste Jore geopfert ginn.

E fënnefte Punkt ass, dass eiser Meenung no de Pakt fir Stabilitéit misst ergänzt, respektiv erweidert ginn op e Pakt fir Stabilitéit, Beschäftegung a Wuesstum, an ech mengen, dass et dofir ubruecht ass net an d'Richtung ze goe fir de Stabilitéitspakt an där Form, wéi mer en haut kennen, a Fro ze stellen. A mir sinn als Gréng der Meenung, dass een net de Stabilitéitspakt misst ofschafen, mä dass ee verschidde Kritäre misst anescht haut gesinn, zumools à la lumière vum Risiko vu Rezessioun a Wirtschaftkris, wou mer dra sinn.

E sechste Punkt ass, dass mer mengen, dass d'Ziler vun der europäescher Geldpolitik missten erweidert ginn an dass d'Kritäre vu Wuesstum a Beschäftegung och an der europäescher Geldpolitik eng méi grouss Roll misste spillen, an deementspriechend si mir och der Iwwerzeegung, dass zwar d'Zentralbank soll hir Onofhängegkeet behalen, mä dass misst méi eng grouss Rechenschaftsflicht bestoe vun der europäescher Zentralbank an och vun der europäescher Investitiounsbank par rapport zu dem Europäeschem Parlament.

E siwente Punkt ass, dass de stännege sozialen Dialog misst ausgebaut ginn. Virun allem misst et fäerdeg bruecht ginn, dass deen tëschent Arbeitgeber an Arbeitnehmer besser verknëppt gëtt an dass och esou e Genre Tripartite op europäeschem Niveau muss méiglech ginn, wou Arbeitgeber an Arbeitnehmer mam Rot engersäits, der Kommissioun oder dem Parlament anersäits, misste méi e stännegen a méi e verdéiftene Sozialdialog féieren, an et misst virun allem dofir gesuergt ginn, dass d'Rechter fir d'Sozialpartner, fir och grenziwwerschreidend Vereinbarungen ze treffen an Europa, an de Verträg mat berücksichtegt ginn.

En aachte Punkt, d'Aussen- an Handelspolitik ingesamt vun der Unioun misste komplett ënnert de Prinzip vun der Nohaltegkeet gestallt ginn. D'Duerchsetzung vu globalen, ekologeschen a soziale Mindeststandarde missten zum Zil gi vun der europäescher Politik. D'Europäesch Unioun muss e Géigemodell ginn zu deem wat mer soss de Moment an der Welt kennen, an dee muss sech ganz kloer an der Aussen- an Handelspolitk vun der Europäescher Unioun erëmspigelen, wou mir opweisen dass d'Europäesch Unioun der Meenung ass, dass nëmme wann Ekologie a sozial Mindeststandarden eescht geholl ginn, dass dann och de sozialen Zesummenhalt vun der Gesellschaft an och Fridden am Endeffekt kënne garantéiert ginn.

An néngten a leschte Punkt, Här President, an domat kommen ech zu mengem Ofschloss, menge mer, dass de Begréff vun der Nohaltegkeet misst am zukünftegen Traité ganz staark verankert ginn, konkret verankert ginn, virun allem och an engem Sënn, dass en iwwergräifend vun engem Ressort zum anere spillt, dass en net ëmmer nëmmen isoléiert gekuckt gëtt an an deem Kontext menge mer och, dass bestehend Verträg, déi mat der Nohaltegkeet ze dinn hunn, musse reforméiert ginn, iwwerluecht ginn an den Euratom-Vertrag ass sécherlech ee vun deenen éischten, deen dozou gehéiert. Mir hunn als Gréng déi lescht Woch, mat eisem Europadeputéierten, dem Premierminister e Pabeier ofginn, wéi mir mengen a wéi eng Richtung dass dat misst goen. Den Här Fayot huet et och scho virdrun ugedeit. Op alle Fall net an déi Richtung wéi d'Madame De Palacio et gären hätt, nämlech fir e Revival ze kréien an der Europäescher Unioun vun der Atomenergie, mä éischter fir deenen Energieformen eng Chance ze ginn, wou Zukunft dra stécht, an dat sinn déi alternativ a regeneréierbar Energieformen.

Dat si graff gesot, Här President, déi Punkten, wou mir fannen dass se einfach ze kuerz komm sinn an der Debatt am Konvent a wou mer awer hoffen, dass déi Zäit, déi elo nach bleift, genotzt gëtt, fir zumindest deen Nohuelbedarf, deen do besteet, opzehuelen, dass mer nach e bësse méi konkret Saache kënnen herno am finalen Text an deenen dote Beräicher erëmfannen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot freet nach d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Entschëllegt, Madame Ausseminister, nëmme ganz kuerz. Ech wollt nach eng Résolutioun déposéieren. Ech hat d'éinescht ugedeit, dass ech et schrecklech bedauert hunn, dass mer onsen Hearing net kënnten iwwer ons intern Télévisioun transmettéieren, an ech hunn dofir eng Resolutioun virgeluecht, fir der Chamber nach eng Kéier eng Chance ze gi fir dat awer ze décidéieren. Et si bis elo dräi Ënnerschrëften drop. Wann d'Majoritéitsparteien eventuell d'accord wiere fir dat mat ze ënnerschreiwen, wär ech net méi wéi frou. Wann net, da fanne mer allerdéngs och nach bei ons Ënnerschrëfte fir dat ze complétéieren. Ech ginn hinnen dann nach e bëssen eng Chance bis mer esou wäit sinn.

***Résolution 3***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les travaux en cours de la Convention sur l'avenir de l'Europe;*

*- considérant qu'un débat public sur les objectifs de l'Union européenne est nécessaire au Grand-Duché du Luxembourg;*

*- vu que la Convention permet d'impliquer les citoyens dans le processus de rédaction d'une Constitution européenne;*

*- vu que le processus doit être ouvert et transparent afin de gagner la confiance des citoyens, et aborder les thèmes qui sont essentiels pour les citoyens européens et ont un réel impact sur leur vie;*

*- considérant à cet égard qu'il importe d'aller au-delà de la mise en place du site Internet y relatif, destiné à servir d'interface entre les conventionnels et la population;*

*- considérant les moyens audio-visuels considérables que s'est donnés la Chambre des Députés, notamment la chaîne parlementaire;*

*- considérant la nouvelle stratégie de communication que compte se donner la Chambre des Députés;*

*décide*

*- de procéder à la retransmission télévisée des hearings consacrés aux travaux de la Convention, de manière à permettre une meilleure interactivité entre les représentants à la Chambre des Députés et les citoyens.*

*(s.) Ben Fayot, Gast Gibéryen, Renée Wagener.*

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, mir haten de Mëtteg hei eng ganz wichteg Debatt, wou ech ganz frou driwwer sinn, datt se och an deem Klima verlaf ass wéi mer dat de Mëtteg hei alleguer konnte feststellen, an engem Klima vum groussem Konsens, géif ech bal gäre soen, bis op ee Punkt, an do kommen ech herno an där Motioun zréck op d'Méiglechkeet, ob d'national Parlamenter och kënnte virum Geriichtshaff kloen, nodeem en Akt legislativ ugeholl ginn ass, mä ausser deem elo an ausser der Constitutionalisatioun vun dem Traité, mengen ech awer op alle Bänken e ganz grousse Konsens festgestallt ze hunn, datt mer zesummen all Efforte solle maache fir dat Europa, wat fir ons jo ganz besonnesch wichteg ass, ze kucken, datt et och muer nach funktiounsfäeg ass an datt mir och an deem Europa vu muer ons Plaz geséchert hunn.

Ech mengen, dat si grondsätzlech d'Haaptziler, déi mer eis gesat hunn, a wou de Mëtteg hei e groussen Appui komm ass fir déi Positiounen, déi d'Lëtzebuerger Regierung ugeholl huet an deem Memorandum Benelux, dee mer mat der belscher an der hollännescher Regierung ufanks Dezember geholl hunn.

Den Débat hei vun de Mëtteg war ganz wichteg, well eben Europa esou wichteg fir Lëtzebuerg ass. Ech deelen net ganz déi Bedenken, déi den Här Gibéryen hei ausgeschwat huet, dass d'Lëtzebuerger am Fong misstrauesch vis-à-vis vun Europa wieren. Ech menge mir hu genuch Europabarometeren, déi eis just de Contraire weisen. Mir selwer als Chamber, zesumme mat der Regierung - dofir kann ech soe mir - hate virun engem Joer eng Ëmfro gemaach wéi mer eis op den Elargissement preparéiert hunn a wou mer de Leit eng ganz Hellewull vu Froe gestallt hunn.

Do ass ganz kloer ervirgaangen - dat kënnt Der noliesen -, dass fir 60% vun de Lëtzbuerger dat éischt Gefill, wat se hunn, wann iwwer Europa geschwat gëtt, dat vu Vertrauen ass. Lëtzebuerg ass och dat Land wat bäi Wäitem deen héchste Pourcentage huet vu Leit, déi den Elargissement positiv gesinn, 74%. Dat ass eng Grondastellung, well d'Leit instinktiv spieren, dass fir e klengt Land wéi onst et keng Zukunft géif ginn, wa mer net kéinten an engem méi grousse Kader, deen op eng geregelt Aart a Weis organiséiert ass, matmaachen.

Dat hëlt deem awer net ewech, dass d'Manéier wéi Europa fonctionnéiert heiansdo ganz schwéier ze verstoen ass, an dat kann ech ganz gutt nofillen, mä dat erënnert mech heiansdo un eng Televisioun. Wa mer eng Televisioun kucken, da kënne mer och net alleguerten erklären, wat hannendru fonctionnéiert, fir dass ee vir kann e Bild gesinn, mä Haaptsaach et fonctionnéiert.

Esou ass et och oft an Europa. Mechanismen, wann ee se misst dem normale Bierger erklären, sinn heiansdo ganz komplizéiert, mä se hunn awer meeschtens hire Sënn. Dee Sënn ass eben aus verschiddenen Intérêten, aus verschiddene Problemer, aus verschiddene Situatiounen duerch vill Diskussiounen op verschiddenen Ebenen, awer herno e Konsensus erauszeschiele fir e puer Schrëtt kënne weider ze goen op deem Wee, dee mer zesumme wëlle maachen.

An nawell, an do si mer eis all eens, wëlle mir dat Europa, wat muer méi grouss ass, wou et nach méi komplizéiert wäert ginn Décisiounen ze huelen, méi transparent, méi biergerno, méi kloer gestalten. An deene Wierder si mer eis all eens. Wéi mer dohinner kommen, dat si mer amgaangen zesummen ze diskutéieren. Ech sinn am Fong och dankbar fir ze héieren, dass et eng Experienz ass ze gesi wéi et net einfach heiansdo ass eben an där Vielfalt vu Meenungen a Problemer awer ze versiche Léisungen erauszeschielen.

De Konvent ass agesat gi fir no Nice ebe just déi Problemer nach ze erläuteren, déi nach um Dësch bliwwe waren, wéi zum Beispill de Kompetenzkatalog. Nice huet de Prinzip festgehalen a Laeken huet am Dezember 2001 de Prinzip an d'Kompositioun vum Konvent festgehalen.

Ech sinn domat d'accord, wann an der Resolutioun, déi hei vu bal enger Unanimitéit vun der Chamber ënnerschriwwe ginn ass, de Prinzip vun der Konventioun soll bäibehale gi fir zukünfteg Ännerungen un den Traitéen. Op anere Plaze stoung, et soll een d'Method vun der Konventioun zréckbehalen. Do géif ech mengen et wier an dësem Moment vläicht nach ze fréi fir ze soen, ob déi Method wierklech déi allerbescht ass, well mir wësse jo net ëmmer wéi d'Method dann elo ass.

Déi, déi Member vum Konvent sinn, hunn elo déi éischt 16 Artikele kritt. Si kënnen hir Amendementer eraginn. Wéi dat elo gehandhabt gëtt, wéi eng zréckbehale ginn a wéi eng net zréckbehale ginn, dat steet de Moment nach net wierklech op engem Blat, a wat herno als Konsensus erauskënnt, wéi deen zustane kënnt, do wäert Der och nach munches entdecken. Dofir: Jo zum Prinzip, mä iwwert d'Method, do loosse mer emol nach ofwaarde wéi se sech dann elo wierklech am Endeffekt bewährt, well ech muss Iech soen, wann am Ufank vun enger wichteger Diskussioun am Konvent den Här President seet, dass 6 Länner 74% vun der Populatioun duerstellen, 8 Länner 19% an 11 Länner 7%, dat heescht dass et am Konvent dräi Gruppe vu Länner ginn, net nëmmen déi Grouss an déi Kleng, mä déi Grouss, déi Mëttel an déi Kleng. An da brauch ech Iech net ze soen, wann hie vun 11 Länner schwätzt déi nëmme 7% vun der Populatioun duerstellen, dass wahrscheinlech a sengen Aen déi 6, déi 74% vun der Populatioun duerstellen, dass bei deenen op d'mannst de Risiko besteet, dass déi Amendemente vläicht aneschters behandelt ginn. En anert Beispill, wat ech noliese konnt...

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Den Här President ass net ëmmer geschéckt a sengen Aussoen, Madame Minister.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Dat sot Dir elo, mä ech stellen nëmme fest, wat effektiv an den Aussoen och gemaach ginn ass.

En anert Beispill ass dat, wa mer vun der Présidence à plein temps fir de Conseil européen schwätzen. Do hat Der jo am Konvent eng ausgiebeg Diskussioun. Wéi et schéngt ware vun 91 Intervenanten der just 12 dofir, 64 dergéint a 15 esou hallef an hallef. D'Konklusiounen, déi aus där Diskussioun erauskomm sinn, hunn awer deenen doten Zuelen net entsprach. D'Iddi ass nach ëmmer bäibehale ginn. Dofir soen ech: De Prinzip Jo, mä bei der Method loosse mer emol nach ofwaarden an eis d'Méiglechkeet ginn nach eng Kéier drop zréckzekommen.

Dem Här Wiseler, deen de Rapport hei gemaach huet, an all deenen, déi intervenéiert sinn: dem Här Fayot, dem Här Helminger, dem Här Gibéryen, der Madame Wagener, dem Här Bausch an dem Här Urbany e grousse Merci, ganz besonnesch natierlech dem Rapporteur, well si waren esou ausgiebeg an hirer Duerleeung vun deene verschiddene Punkten, déi mir och am Memorandum Benelux duergeluecht hunn, dass ech mengen, dass ech et Iech erspuere kann nach eng Kéier op déi verschidde Punkten, déi d'Regierung ageholl huet, anzegoen. Ech mengen entre-temps kennt jiddfereen déi Positiounen an ech ka mech, wéi gesot, nëmme freeën driwwer, dass déi Positiounen, déi mer am Memorandum festgehalen hunn, heibannen op alle Fall op eng ganz grouss Ënnerstëtzung kënnen zielen.

Datt domat nach net all d'Problemer geléist sinn, dass och net all d'Problemer ugeschwat gi sinn - wéi den Här Bausch et virdru ganz richteg gesot huet -, däers si mer eis bewosst, mä do wäerte mer am Detail an den Diskussiounen nach drop zréckkommen. Ech kann och do him nëmme soen: Effektiv, och wann an engem Conseil européen mir als Lëtzebuerger héieren, dass et d'englesch Regierung ass déi de grousse Champion vun der Libéralisatioun ass a mir dann awer soi-disant eng méi liberal, konservativ Regierung sinn, déi au contraire fir d'Services publics, besonnesch och beim Waasser, formell agetruede sinn, da freet ee sech heiansdo, ob déi richteg politesch Wäerter nach mat deem iwwereneestëmmen, wat d'Leit heiansdo esou wëlle gleewen dinn.

Mir op alle Fall wäerten - dat kann ech assuréieren an dat hunn ech och schonn e puermol gesot -, esou wäit et nëmme méiglech ass, bei eise Positioune bleiwe fir d'Services publics, ob dat elo d'Gesondheet ass oder ob dat eben och d'Waasser ass, wat e ganz prezise Problem war, dee mer schonn e puermol ugeschwat hunn.

Eis Positiounen aus dem Memorandum fannen heibannen also eng grouss Ënnerstëtzung. Ech si frou doriwwer, well dat gëtt ons déi Assurance fir weiderhin eis - wéi nenne mer se - like-minded Partner an der Europäescher Unioun an an der erweiderter Unioun dovunner versichen ze iwwerzeegen. De Memorandum Benelux huet nämlech e ganz grousst Gehéier fonnt a ganz vill vun deene mëttleren a méi klenge Länner an der Europäescher Unioun hu sech deenen Iddien zu engem gudden Deel ugeschloss.

Mir haten hei zu Lëtzebuerg an deene leschten zwou Wochen zwou grouss Réunioune vu Vertrieder vun Länner, souwuel vun deenen neie Kandidatelänner wéi och vun anere mëttleren a méi klenge Länner, wou en gros eis Positiounen aus dem Memorandum Benelux als déi méi richteg ugeholl gi sinn. Déi Positiounen, déi och heibannen d'Ënnerstëtzung fonnt hunn. Fir nëmme kuerz drop anzegoen: déi absolut Prioritéit fir d'Méthode communautaire ze halen. Mir hunn ons fir eng staark Kommissioun ausgeschwat.

Ee Punkt, dee bei deene Länner, déi hei waren a mat deene mir geschwat hunn, an och heibannen, zum Deel zu Diskussiounen Ulass ginn huet, dat ass dee vum President. Soll hie vum Parlament gewielt ginn oder soll hie weiderhin nëmme vum Conseil européen gewielt ginn?

Do kann een d'Argumenter dofir an dergéint huelen. Déi, déi dergéint waren, hunn als Argument geholl, dass wann een de President vun der Majoritéit vum Parlament - dem europäesche Parlament wuel verstanen - wiele léisst, da politiséiert ee forcément déi Fonctioun. Dat ass evident. Dat ass wouer. E politiséierte Personnage, dat heescht, dee vun engem Groupe politique ofhänkt, huet natierlech net déi nämlecht Positioun fir och mat deenen anere Groupes politiques an och mat deenen aneren nationale Représentatiounen an der nämlechter Aart a Weis ëmzegoen.

Dofir, eng Politisatioun huet vläicht den Avantage vun der Effikassitéit, well ee weess dass dat, wat ee proposéiert, och eng Majoritéit am Parlament ka fannen, mä et gëtt där Positioun awer en anere Charakter. Dofir ass dat e Punkt, dee wierklech oft ugeschwat ginn ass an deen net ëmmer op Ënnerstëtzung gestouss ass.

Dann déi grouss Fro vun der Présidence vum Conseil européen. Dir wësst, dass mir als Benelux ons ganz formell dergéint ausgeschwat hunn, dass do eng Présidence kéint kommen, déi vu baussen eragewielt wier, dat heescht e President fir fënnef Joer, deen net Member vum Conseil européen wier. Dat ass eng Positioun, déi wierklech unanime vun alleguerten deene mat gedroe gëtt mat deene mir geschwat hunn an déi de Moment nëmmen nach vu ganz wéinege Länner oprecht erhale gëtt, sou dass ech mengen dass dat eng Positioun ass, déi wahrscheinlech net herno wäert zréckbehale ginn. Mä nach besteet effektiv awer de Wëlle fir d'Présidence vum Conseil européen e bësse méi an der Durée ze gesinn, dat heescht net méi all sechs Méint ze wiesselen. Mir an eisem Memorandum hunn dat zwar proposéiert, mä mir hunn awer och eng gewëssen Ouverture gelooss. Dat do wäert also ee Punkt sinn, deen nach wäert an deenen nächste Méint diskutéiert ginn. All déi aner Punkte fanne gréisstendeels d'Ënnerstëtzung.

Ech kommen da just op deen ee Punkt zréck, deen heibannen ugeschwat ginn ass a wou gefrot ginn ass, firwat dass mir am Memorandum Benelux déi Positioun ageholl hunn, dat heescht dass mer am Fong de Contrôle ex post net wëllen an d'Hänn vun den nationale Parlamenter ginn, fir domat virun der Cour de Justice kënne virzegoen.

Mir hu gemengt, dass et wichteg wier - an dat wëll ech hei nach eng Kéier ënnersträichen -, dass een alles mécht fir d'Kollaboratioun mat den nationale Parlamenter ze verbesseren. An deem Mooss kéint ech op alle Fall am Numm vun der Regierung déi Motioun, esou wéi se vum Här Gibéryen hei virbruecht ginn ass, wat de Prinzip vun der Subsidiaritéit an der Kollaboratioun vun den nationale Parlamenter betrëfft, absolut ënnerstëtzen. Eng besser, eng méi wäit, eng méi schnell Informatioun, d'Méiglechkeete fir ex ante, dat heescht ier en Acte législatif geholl ginn ass, kënnen un d'Kommissioun erunzetriede mat eben deene Remarken oder Kriticken, déi een huet, ënnerstëtze mir absolut, mä duerno muss jo d'Kommissioun hir Positioun entweder deementspriechend mat enger Argumentatioun änneren oder och net.

Da kënnt dat Ganzt op den Niveau vum Conseil des ministres, wou déi Deputéierten oder déi Parlamenter, déi Bedenken haten - a wann éieren deem net Rechnung gedroe gi wier - jo dee Moment d'Méiglechkeet hunn Afloss ze huelen op hir Regierungsvertrieder um Niveau vun de Conseilen, fir do eben dann nach eng Kéier ze versichen dat riicht ze béien. Mat e bësse Chance oder awer och vläicht net kritt een et dann esou riicht gebéit wéi een et gefrot hat.

Duerno nach engem eenzelne Parlament d'Recht ze gi fir virun d'Cour de Justice ze goen, dat riskéiert natierlech effektiv d'Sécurité juridique an d'Prévisibilitéit vun engem Akt wierklech ganz wäit erauszeschieben. Dat ass dat, wat ons verulasst huet ze soen: Muss dat an dësem Moment sinn, wou ee jo awer souwuel am Virfeld um Niveau vun der Informatioun, um Niveau vun der Interventioun an och um Niveau vun der Décisioun - um Niveau vum Conseil des Ministres - an duerno jo nach eng Kéier um Niveau vum Parlement européen ka versichen déi Iwwerleeunge virzebréngen? Mir hu gemengt, dass et awer eng ganz Rei Moossname géif, déi een hätt. A wa mer wëllen, a wann et eis eescht ass, fir ze soen: „Mir hätte gäre muer eng Communautéit, déi nach effikass schaffe kann an déi überschaubar ass", dann hu mir an deem Kontext fonnt, dass mer déi dote Propositiounen net wollten zréckbehalen, mä et steet natierlech dem Parlament fräi déi nach oprecht ze erhale bis definitiv Décisioune gefall sinn. Op allen anere Punkten deelen ech natierlech d'Appréciatiounen, och déi Saachen, déi nach musse méi detailléiert beschwat ginn, déi hei vun de Conseilleren...

***(Hilarité)***

Une voix.- Den Deputéierten.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- ...den Deputéierte virbruecht gi sinn.

***(Interruption et hilarité)***

Ech soen all deenen, déi intervenéiert sinn, merci fir déi Denkustéiss, déi se ons matginn hunn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Ee Wuert nach vläicht zu der Kollaboratioun tëschent der Chamber an der Regierung: Mir hunn ons e puermol scho gesinn, d'Vertrieder an der Konventioun an d'Regierung. Ech géif proposéieren, dass mer an Zukunft, vu dass mir elo an déi Phas kommen, wou net nëmme méi diskutéiert gëtt, mä wou konkret Texter gemaach ginn, dat méi systematesch a méi oft maachen.

Dir wësst, dass Membere vun dem diplomatesche Corps, déi zu Bréissel sinn, ganz besonnesch d'Aarbechte verfollegen. Et ass eng extra Cellule am Ministère des Affaires étrangères agesat ginn, déi all déi Texter, déi virgeluecht ginn, analyséiert, kuckt a wéi engem Mooss se mat deene Positiounen, déi Dir hei ageholl hutt an déi mir als Regierung ageholl hunn, compatibel sinn, déi Iech drop hiweist an Iech se jo och esou schnell wéi méiglech zoukomme léisst, an der Hoffnung dass se an Amendemente kënnen hiren Nidderschlag fannen.

Fir dat do beschtens ze koordinéiere géif ech Iech proposéieren, dass mir eis esou schnell wéi méiglech géifen nees eng Kéier gesinn an dass mir dann an deenen nächsten dräi Méint op eng ganz regelméisseg Aart a Weis den Austosch vun Informatioune kënnen organiséieren, ëmmer mat deem nämlechten Zil, dass mer esou wäit wéi méiglech an am Respekt vu jiddferengem sengen Iwwerzeegungen natierlech déi Konventioun esou kënne mat beaflossen, dass wann dann herno soll e Konsensus erauskommen, en Text, dass deen esou wäit et nëmme méiglech ass och ons Ënnerschrëft mat dréit, an dass duerno dann effektiv an enger nofolgender Conférence intergouvernementale d'Saach à la rigueur ka méi einfach iwwert d'Bühn goe wéi dat bei deene virdru war. Dat wäert awer nëmmen esou sinn, wann déi verschidde Positiounen Afloss an d'Konventioun an an den Text vun deem finalen Text fannen. An do, wéi gesot, bidden ech ons voll Zesummenaarbecht.

Deen Débat haut de Mëtteg war eng ganz gutt Illustratioun vun där Zesummenaarbecht an der Auseinandersetzung vun Iddien, déi mer haten. Ech wënsche mer nëmmen, dass mir dat nach e puermol bis zum Summer kënne maachen, wou et jo da soll wierklech fäerdeg sinn.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zum Vote iwwert d'Motioun an iwwert d'Resolutioun, déi agereecht goufen. Den Här Ben Fayot freet nach d'Wuert.

***Motion et Résolutions***

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech wollt just ganz kuerz eppes iwwer zwee Texter soen, déi ons virgeschloe gi sinn. Dat ass d'Resolutioun 2 an och d'Motioun 1 vum ADR.

Wat d'Resolutioun vum ADR ugeet iwwert de Mécanisme d'alerte précoce ex ante an och ex post, kann ech mat där Resolutioun d'accord sinn. Wa mer eng Resolutioun gemeinsam mat der DP, der CSV an deene Gréngen gemaach hunn, da war dat e Kompromiss, mengen ech, deen ebe sollt jiddferengem Rechnung droen.

Perséinlech hunn ech kee Problem mat där Propositioun wéi se an dem Aarbechtsgrupp Subsidiaritéit an dem Konvent zum Virschäi komm ass, d'autant plus wou déi Prozedur ex post souwisou nach net preziséiert ass wéi se genee soll fonctionnéieren. Et wäert net esou sinn, dass all Parlament, wat iergendwou eng Kéier ex ante gesot huet dass do Problemer wäre mat der Subsidiaritéit, automatesch herno kann op d'Cour goen. Ech wëll iwwregens drun erënneren, dass dat eng Méiglechkeet ass, déi sengerzäit an engem Rapport vum Här Goerens, wéi hien Europadeputéierte war, deen un den Här Statsminister virbruecht gouf. Ech mengen déi Resolutioun kënne mir unhuelen.

Wat d'Motioun vum dem ADR ugeet, do wollt ech zwou Bemierkungen dozou maachen. Hei gëtt e Référendum décisionnel gefrot iwwer eng zukünfteg Verfassung. Domat kënne mir op kee Fall d'accord sinn, well dat schléisst d'Parlament aus. Mir hunn näischt géint Biergerbefroung, géint Referenden, mä mir mengen awer, dass et fir den Ableck souwisou och ze fréi wär fir iwwerhaapt iwwer e Referendum iwwer en Text ze schwätzen, deen nach net virläit.

Wann et e Référendum décisionnel ass, da si mir op jidde Fall net mat där Motioun d'accord.

M. le Président.- Mir stëmmen dann elo of iwwert d'Motioun, déi schréftlech am Text virläit.

Ass e Vote électronique verlaangt?

***(Assentiment)***

Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 1, déi erabruecht ginn ass vum Här Gibéryen. Den Här Gibéryen freet nach d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President, ech wollt just elo nach froe wéi d'Meenung vun de Kolleegen dann elo ass. Den Här Fayot huet gesot hie kéint mat eiser Resolutioun liewen.

Plusieurs voix.- Motioun.

M. le Président.- Mir schwätzen elo iwwert d'Motioun, Här Gibéryen, net iwwert d'Resolutioun.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Huele mir d'Motioun vir?

***(Interruption)***

Jo, okay.

M. le Président.- Den Här Wiseler freet d'Wuert nach dozou.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech wollt zwou Saache ganz kuerz soen. Éischtens steet an där Motioun, wann een den Text esou hélt: „indépendamment du texte final retenu par la Convention". Wann et ëm en Texte final geet, da gëtt deen net vun der Convention zréckbehalen, mä vum CIG, dee schlussendlech dono muss décidéieren. Zweetens wollt ech soen, dass d'CSV-Fraktioun dergéint stëmmt. Dat soll net als e prinzipiellen Nee fir oder géint e Referendum verstane ginn, mä et ass fir eis evident, dass et momentan absolut net d'Zäit ass fir doriwwer eng Décisioun ze huelen. Et muss een den Text vum Traité constitutionnel emol fir d'éischt kucken, fir doriwwer eng Décisioun définitive kënnen ze huelen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Bausch, an dann den Här Rippinger.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, mir wäerten net fir d'Motioun 1 stëmmen. Mir sinn zwar fir de Referendum, mä fir de Referendum consultatif an net décisionnel. Ech sinn do éischter der Meenung vum Här Fayot, niewent anere Bedenken natierlech, dass dat vläicht elo bësse fréi ass fir dat ze soen. Mir kënnen déi Motioun 1 duerfir net stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Jo, Här President, ech mengen eis Fraktioun vertrëtt déiselwecht Meenung wéi déi, déi den Här Wiseler elo virgedroen huet, an natierlech den Här Bausch. Mir si mam Prinzip vum Referendum averstanen. Mir hunn also Préjugés favorables fir dëse Referendum, awer net fir e Référendum décisionnel, wou d'Chamber dann ausgeschloss wier. Domadder kënne mir zu dësem Zäitpunkt net d'accord sinn.

M. le Président.- Den Här Gibéryen kritt fir d'éischt d'Wuert, an dann d'Madame Ausseminister.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech wollt awer nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass, wa mer an déi Richtung gi vun engem Traité constitutionnel, een eiser Meenung no nëmmen esou en Traité ëmsetze kann, wann d'Bierger hir Zoustëmmung dozou ginn hunn.

Ech hu gesot, Här President, mir bräichten eng méi participativ Gesellschaft. Duerfir hu mir décidéiert, am Fall wou mer zu enger grousser Verfassungsrevisioun kéimen, dës zum Referendum ze stellen. Ech wëll drun erënnere wat den Här Statsminister bei senger Regierungserklärung, den 12. August 1999, an der Chamber gesot huet: „Eng fundamental a breet Verfassungsrevisioun brauch déi direkt Zoustëmmung duerch de Vollekssouverän." Dat waren d'Wierder vum Statsminister vis-à-vis vun onser Constitutioun, wa mer déi géifen ëmänneren.

Esou schéngt et mer awer nëmmen eng Logik ze sinn, dass, wa mer eng europäesch Constitutioun wéilten ëmsetzen, mer dozou zumindest dann och géifen eis Bierger froen. Duerfir bleiwe mir bei eiser Motioun.

M. le Président.- Den Här Bausch freet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Hei gëtt jo elo bewosst en Amalgame gemaach vun zwou verschiddene Saachen, wéi sech dat gehéiert. Mir sinn och fir de Referendum an dëser Fro - ech wëll dat betounen -, mä mir si just fir e Référendum consultatif an net décisionnel. Dat wat deemools gesot ginn ass, ass menger Meenung no éischter an d'Richtung vun engem Référendum consultatif an net décisionnel gaangen, well wann een...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dir gitt Är Zoustëmmung?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Et kann een natierlech elo hei mat de Wierder spillen, mä ech wëll Iech just soen: Wann Dir e Référendum décisionnel wëllt organiséieren, da musst Der dann awer emol kucke wéi Der dat wëllt maachen en fonction vun deenen eenzelne Constitutiounen an der Europäescher Unioun. Ech wëll Iech just soen: Dat geet iwwerhaapt emol guer net! Duerfir, wann een e consultativë Referendum mécht, dann ass dat sécherlech e gutt Instrument, fir en faveur vun der Europäescher Unioun ze mobiliséieren. Dat wat awer hei an der Motioun steet - dat soen ech Iech -, ass haut um Niveau vun Europa net ëmsetzbar.

M. le Président.- Den Här Rippinger freet nach d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech wollt just nach een Argument soen, wat ech vergiess hunn ze soen: No eiser Verfassung gëtt et dee Referendum do momentan net. Mir missten also, wa mer op dee Wee géinge goen, deen den Här Gibéryen eis hei virzeechent, fir d'éischt eis Verfassung änneren.

***(Interruptions)***

Momentan kenne mir nëmmen de Référendum consultatif. Ech hunn elo den Text net virun den Ae leien, mä menger Meenung no kenne mir keen aneren Text, an do kann ech nëmmen dem Här Bausch Recht ginn a senger Argumentatioun, déi menger Meenung no juristesch an och verfassungsrechtlech richteg ass.

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler freet och d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Merci, Här President, ech wëll dat ënnersträiche wat den Här Rippinger elo just gesot huet. Et ass esou, dass dat wat hei proposéiert gëtt vum ADR guer net geet. D'Regierung kann net vu sech aus elo higoen an e Referendum organiséieren. Fir e Referendum ze organiséiere brauche mir opgrond vun eiser Verfassung e Gesetz.

Et misst emol fir d'éischt e Gesetz erabruecht ginn. An deem Gesetz misst definéiert ginn, wat den Objet vun esou engem Referendum wier, an eréischt wann esou e Gesetz eng Majoritéit hei an der Chamber fonnt hätt, da wier et méiglech fir e Referendum ze organiséieren. Dat si kleng Subtilitéiten, déi de Fraktiounschef vum ADR, mengen ech, iwwersinn hat.

M. le Président.- Den Här Gibéryen freet nach d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech hat gemengt mir géifen dës Diskussioun seriö ofhalen, mä den Här Weiler kann et net loossen. Ech ginn awer weider net dorop an.

Ech wëll just soen, dass hei zu Lëtzebuerg schonn zweemol e Referendum gemaach ginn ass mat där Constitutioun. Ech wëll och soen, dass mir wëssen, dass e Gesetz muss gemaach gi fir e Referendum ze maachen, well mir hu selwer an der Persoun vum Roby Mehlen eng Proposition de loi gemaach fir e Gesetz ze maache fir kënnen de Referendum hei am Land duerchzezéien. Dat ass eis also ganz bewosst an et ass sous-entendu, wa mir e Referendum hei zu Lëtzebuerg organiséieren. Och fir dee Referendum, deen den Här Statsminister ugekënnegt huet, hätte mir missen e Gesetz maache fir en organiséieren ze kënnen.

***(Interruption)***

Bei eis ass et net méi an net manner. A wann Der d'Motioun net wëllt stëmmen, da stëmmt se eben net, mä mir halen eis Motioun oprecht.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Den Här Henckes freet nach d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech wollt nach e Wuert bäifügen. Mir hunn an der Commission des affaires institutionnelles d'Iddi selwer vun dem Referendum zréckbehalen an dee war, esou wéi e virgesi war, décisionnel.

M. le Président.- Madame Minister, wëllt Dir nach eppes dozou soen?

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Neen.

***Motion 1***

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of. D'Motioun läit vir a si ass genuch explizéiert ginn.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass verworf mat 49 Nee-, 7 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Fred Sunnen), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. Niki Bettendorf);*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Da komme mer elo un d'Resolutiounen. Mir komme fir d'éischt un d'Resolutioun 1, déi den Här Fayot virgedroen huet an déi Dir och schréftlech virleien hutt. Ech menge mir kéinten direkt doriwwer ofstëmmen.

***Résolution 1***

Ass e Vote électronique verlaangt?

***(Assentiment)***

Mir stëmmen dann of iwwert d'Resolutioun 1 vum Här Fayot.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Resolutioun 1 ass ugeholl mat 45 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm a 7 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Fred Sunnen), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, MM. Laurent Mosar, Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par Mme Simone Beissel), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Marco Schroell), Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. Niki Bettendorf);*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*A voté non: M. Jean Spautz.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

***Résolution 2***

Da komme mir zur Resolutioun 2 vum Här Gibéryen, déi och virläit an déi Der ausgedeelt kritt hutt. Mir kënnen also direkt doriwwer ofstëmmen.

M. Paul Helminger *(DP).*- Här President?

M. le Président.- Den Här Paul Helminger freet nach d'Wuert.

M. Paul Helminger *(DP).*- Ech wollt zu där Resolutioun just soen, dass dat, wat den Här Gibéryen elo hei proposéiert, effektiv dat ass wat exactement als Konsens vun deem Groupe de travail „Subsidiarité" am Konvent erauskomm ass. Déi grouss Majoritéit vun de Parlamentarier, déi do waren - déi europäesch waren e bësse méi reservéiert, mä déi aner waren alleguerte frou -, ware frou dass d'Parlamenter dat dote Recht elo kréie sollen.

Ech hu virdrun d'Madame Ausseminister am Fong esou interpretéiert, dass si seet, dass d'Regierungen zwar insgesamt de Moment net schrecklech waarm fir dat heite sinn, well se eng ganz Rei Komplikatioune gesinn, déi sécherlech och do sinn, mä mir si jo hei an engem Etappeprozess. D'Konventioun soll elo emol soen - dat ass meng Meenung -, wat se an deem Punkt do gären hätt, an da geet dat Ganzt an d'Conférence intergouvernementale an da musse mer kucken, ob mer an enger definitiver Constitutioun mat deene Schwieregkeeten, déi sech stellen, eens ginn.

Dofir géif ech mengen, an deem Mooss wou jiddefalls hei déi zwee efektiv Memberen, an ech mengen och déi zwee Suppléanten, déi d'Lëtzebuerger Chamber dohinner geschéckt hat, am Fong genau dat hei an der Konventioun ënnerstëtzt hunn, géif et eis e bësse schwéier falen, wann d'Chamber elo géif soe mir hätten eis do verrannt. Duerfir géing ech proposéieren, datt mer déi Resolutioun hei och géingen unhuelen.

Merci.

M. le Président.- Mir stëmmen iwwert d'Resolutioun of.

***Vote***

Déi fir d'Resolutioun 2 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Resolutioun ass mat 56 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm an enger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen et Lucien Weiler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par Mme Simone Beissel), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. Niki Bettendorf);*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombera (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*A voté non: M. Claude Wiseler.*

*S'est abstenu: M. Marcel Glesener.*

***Résolution 3***

Da komme mer zur Resolutioun 3. Déi hat nëmmen dräi Ënnerschréften a gëtt nach ënnerstëtzt vun der Mme Mady Delvaux-Stehres an dem Här Paul Helminger

***Vote***

Déi fir d'Resolutioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Resolutioun ass mat 30 Nee- a 25 Jo-Stëmme verworf.

*Ont voté oui: M. Paul Helminger;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer et Georges Wohlfart;*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Fred Sunnen), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Gusty Graas, Alexandre Krieps, Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. Alexandre Krieps).*

Da kéime mer elo zum leschte Punkt. Dat ass den Ordre du jour vun der nächster Sitzung.

## 3. Ordre du jour

D'Presidentekonferenz ass haut de Moien zesummekomm an huet proposéiert, dass d'Chamber de 25. an de 26. Februar mat folgendem Ordre du jour siégéiert.

En Dënschdeg, de 25. Februar um dräi Auer:

1. Eng Froestellung un d'Regierung;

2. Eng Aktualitéitsstonn vun der Fraktioun vun deene Gréngen iwwert d'Urgencen an de Spideeler;

3. De Projet de loi 4968 betreffend d'Wiener Konventioun iwwert d'Vertragsrecht;

4. De Projet de loi 5063 iwwert déi budgetär Upassung bei der Vergréisserung vun der Handwierkerschoul um Lampertsbierg;

5. De Projet de loi 5017 iwwert d'Loune vun zwee Verwaltungsgebaier fir déi europäesch Institutiounen;

6. D'Chamberskonte vum Joer 2001.

E Mëttwoch, de 26. Februar um halwer dräi, hu mer eng Consultatiounsdebatt iwwert déi international Kris ëm den Irak, an dat nom Modell 2.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.08 heures)***

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber online op
www.chd.lu

## Ordre du jour

1. Hommage à la mémoire de Monsieur le Député Willy Bourg, Vice-Président de la Chambre des Députés
2. Ordre du jour
3. Communications
4. Heure de questions au Gouvernement
   - Question 268 de Mme Agny Durdu au sujet des projets de construction de nouveaux lycées
   - Question 278 de M. Mars Di Bartolomeo concernant l'accord "maintien de l'ordre" du service de la police luxembourgeoise avec le Gouvernement belge et les conséquences qui en résultent pour les personnes concernées
   - Question 273 de M. Jos Scheuer au sujet d'une restructuration éventuelle de l'Inspection du Travail et des Mines

   traitée conjointement avec la
   - Question parlementaire 2050 de M. Jacques-Yves Henckes relative à l'audit de l'Inspection du travail et des mines réalisé par le BIT
   - Question 274 de M. Jean Huss relative aux problèmes soulevés au sujet d'une station relais pour téléphones portables à Dudelange
   - Question 276 de Mme Renée Wagener au sujet de l'implantation à Luxembourg-Gare d'un foyer d'accueil pour les toxicomanes et d'un local d'injection
   - Question 279 de M. Mars Di Bartolomeo relative à l'accord conclu entre le gouvernement et l'Association des médecins et médecins-dentistes du Grand-Duché de Luxembourg
5. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG concernant la situation des services d'accueil et de soins d'urgence dans les hôpitaux luxembourgeois

   *(Discussion générale - Motion - Vote)*
6. 4968 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Vienne sur le droit des traités, signée à Vienne, le 23 mai 1969 et de son Annexe

   *(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
7. 5063 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet d'extension du Lycée Technique des Arts et Métiers à Luxembourg-Limpertsberg

   *(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
8. 5017 - Projet de loi relatif à la location avec option d'achat de deux immeubles administratifs destinés aux institutions européennes

   *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
9. 5087 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2001

   *(Rapport de la Commission des Comptes - Discussion générale - Résolution - Vote)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Erna Hennicot-Schoepges, M. Michel Wolter, Mme Anne Brasseur, MM. Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.00 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Matdeelung ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

### 1. Hommage à la mémoire de Monsieur le Député Willy Bourg, Vice-Président de la Chambre des Députés

Dir Dammen an Dir Hären, Léif Kolleginnen a Kolleegen, well Dir bestëmmt all meng Gefiller deelt, kënnt Dir lech virstelle wéi traureg ech sinn, haut den Noruff op ee vun eise Kolleege maachen ze mussen, dee mir all gären haten an deen esou enk mat eiser Chamber verwuess war.

Mir waren eis laang bewosst, datt de Willy Bourg e jorelaangen onermiddleche Kampf gefouert huet géint eng heimtückesch Krankheet. Hien huet sech awer näischt umierke gelooss an huet a groussem Flichtbewosstsein an ouni Aschränkung seng Aarbecht als Deputéierten an als Vize-President vun der Chamber verriicht. Bis zum Schluss war op hien ëmmer Verlooss.

Mir erënneren eis nach all un déi Sitzung am Dezember, wou hie fir d'lescht hei am Sall bei eis war a wou hien, siichtbar gezeechent vu senger Krankheet, bis zum Schluss vun der Sitzung bliwwen ass. Bis zu sengem Doud war hien iwwerzeegt, datt hien et nach eng Kéier géif packe senger Krankheet de Kapp ze weisen. Säin Optimismus huet och eis doru gleewe gedoen.

Et sollt dës Kéier awer aneschters kommen. Et sollt eis net méi vergonnt sinn, hien an eise Reien erëm ze gesinn. Bleiwen awer wäerten d'Erënnerungen un ee Kolleeg, deen trei stong zu senge Prinzipien, matfillend, gewëssenhaft, effikass, zouverlässeg an ëmmer frëndlech.

De Willy Bourg koum 1985 fir d'éischt an d'Chamber an huet bei de Wahle vun 1989, 1994 an 1999 ëmmer erëm d'Vertraue vun de Wieler ausgesprach kritt. Hie war Member vun de Kommissioune Force publique, Travaux publics, Transport, Famill, Ethik, an der Drogekommissioun wou hie während laange Jore President war.

Zënter 1998 war hien och Vize-President vun der Chamber.

Doriwwer eraus war hie vun 1989 u Member vum NATO-Parlament.

Zënter 1979 war en och Conseiller an duerno bis 1996 Schäffe vun der Stad Lëtzebuerg.

Eise verstuerwene Frënd huet sech ëmmer an iwwerall mat Leif a Séil fir d'Wuel an d'Belaanger vun deenen aneren agesat, huet seng Dossierë gutt kannt an hat ëmmer en oppent Ouer fir déi, deenen et net esou gutt gaangen ass an déi Hëllef gebraucht hunn.

Mam Willy Bourg verléiere mer e sympathesche Mënsch an e gudde Kolleeg, vun deem et schwéier fält sech ze trennen. De Gedanken, hien net méi heibannen an der éischter Rei ze gesinn, ass schwéier ze erdroen, besonnesch och fir seng Kolleegen aus der CSV-Fraktioun, vun där hien en engagéierte Member war.

Senger Fra, senge Kanner a senger ganzer Famill wëll ech vun dëser Plaz aus, stellvertriedend fir eis all, eist häerzlechst Bäileed ausspriechen an hinne soen, datt mir zesumme mat hinnen dat Leed deelen, dat elo op si duerkomm ass.

Ech géif lech bieden opzestoen, fir eng Minutt am Stëllen un dee léiwe Verstuerwenen ze denken.

***(Minute de recueillement)***

Ech soen lech merci.

D'Wuert huet den Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Fraktiounskolleeg ze verléieren, dat ass e battere Moment. De Willy Bourg war awer net nëmme just e Fraktiounskolleeg, an dat mécht mer et ëmsou méi schwéier fir hei iwwer hien ze schwätzen. De Willy Bourg war e Frënd, selbstverständlech vun de Kolleege vu menger Fraktioun, vu mir perséinlech a vu ville Leit hei am Haus an iwwert d'Parteigrenz ewech.

An et war esou wéi ee vun de Kolleege gesot huet, just ier mer d'Trap erop komm sinn, et war e feine Kärel. Mä de Willy Bourg war net nëmmen e feine Kärel, d'Chamber verléiert mam Willy Bourg en engagéierten Deputéierten, dee Vize-President vun dësem Haus war a sech als Volleksvertrieder während laange laange Jore mat Leif a Séil fir d'Land a fir d'Leit agesat huet.

Meng Fraktioun denkt un hien zréck als e Mann vu Prinzipien, e Mann mat Standfestegkeet, e Mann dee gären diskutéiert huet, deen haart diskutéiert huet, mä deen ëmmer esou diskutéiert huet, datt en ni bei deenen, mat deenen en diskutéiert huet, Wonne geschloen huet.

Et war en iwwerzeegten an en iwwerzeegende Politiker. Virun allem awer war et e Frënd op deen an alle Situatioune Verlooss war, politesch esou gutt wéi mënschlech. Fir all dëst si mir him dankbar an eise Bléck zréck op säi Liewe mat eis wäert mat Dankbarkeet ëmmer erfëllt sinn.

De Willy Bourg huet a senger politescher Carrière ni no sech selwer gekuckt, och net a besonnesch net 1993 wéi en als Spëtzekandidat vun der CSV an d'Gemengewahlen hei an der Stad mat gaangen ass, just nodeem e gewuer gi war, datt en esou krank wär. Iwwerhaapt huet en aus där Krankheet ni Ophiewes gemaach, och wa mer alleguerte gesinn a gespuert hunn, wéi en a ville Momenter ënnert där Krankheet schwéier gelidden huet, speziell wann d'Péng en esou iwwerkomm ass, datt e se bal net méi gepackt huet, an dat war oft hei an der Chamber de Fall.

De Willy Bourg war e Beispill fir eis, a senger Manéier mat Mënschen ëmzegoen. Seng militäresch Disziplin, déi en ëmmer hat, huet en ni verluer, och net an de leschte Momenter wéi en de Kampf géint seng Krankheet net méi gepackt huet.

Charakterfest a mënschlech waarm huet de Willy Bourg seng Relatioune mat de Kolleegen an der Fraktioun hei an der Chamber gelieft. Säi Liewen hannerléisst Spuren, speziell och bei deenen déi d'Chance hate fir mat him ze schaffen. Et war e Liewe wat duerch vill Erlieftes an duerch haart, och privat, Schicksalsschléi gepräegt war an dofir och anerer matgepräegt huet. Wa mer dem Willy Bourg mar de Mëtten déi leschten Éier erweisen, da maache mer dat am Gedenken u säi Beispill.

Ech wëll fir meng Fraktioun an och am Numm vun deenen anere Fraktiounskolleegen an hire Fraktiounen der Madame Bourg an hirer Famill eist oprichtegt Bäileed ausdrécken a wëll hinne soen, datt mer a Gedanke bei hinne sinn, datt mer de Willy net wäerte vergiessen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Premier- a Statsminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ëmmer e Liewen op een Enn geet, a wann een am Liewensbuch vun deem ufänkt ze bliederen, deem säi Liewen op een Enn gaangen ass, da gëtt et eng Rei vu Säiten op deenen ee méi laang stoe bleift wéi op aneren. A wann een am Liewensbuch vum Willy Bourg bliedert, da bleift ee spontan automatesch bäi deene Passagë stoen, wou een den Numm vun deem gesäit dee gestuerwen ass a wou een den eegenen Numm gesäit. A wann ech op déi Säiten zréckkucken, déi mer konnten zesumme schreiwen, dann drängt sech mer d'Bild op vun engem, dee virun anere Qualitéiten, déi en hat, virun allem déi vum Courage hat.

Et fält op an der Biographie vum Willy Bourg, dass, wann d'Liewen eng aner Kéier geholl huet, hien déi Kéier mat geholl huet. De Willy Bourg war Offizéier an der Arméi, a wéi d'Arméi ofgeschaaft ginn ass, huet de Willy Bourg eng aner Carrière ageschloen, net gesicht wou e soss iergendwou kéint beim Stat ënnerkommen, mä en huet eng nei Etapp a sengem Liewen ageschloen. Déi Beharrlechkeet an der Liewensgestaltung, déi huet en ëmmer ausgezeechent.

De Willy Bourg war e Mënsch mat deem ech eng grouss Complicitéit hat a gläichzäiteg ganz dacks Sträit hat. An et ass mat Emotioun wou ech un déi Momenter denke wou mer eis zerstridden hunn, well et kee gängege Sträit war, esou wéi een deen heiansdo ënnerteneen huet, mä wat eng stramm Ausenanersetzung ëm d'Saach war, an dee bei aller Ënnerschiddlechkeet vun den Usiichten ëmmer esou ausgaangen ass, dass en engem duerno, wann een déi Diskussioun hannert sech hat, de Cadeau gemaach huet vu senger Loyautéit a senger Fidélitéit. Dat wat ee mat him geschwat huet, dat ass eigentlech ënner véier Aen an ënner véier Ouere bliwwen, an dat ass net op aner Plazen erausgedroe gi fir aner Leit un där Diskussioun, déi een hat, ze interesséieren.

Déi Complicitéit, déi wëll ech haut éieren, déi Loyautéit och. An dat treit Festhalen un eppes, wat ee sech zesumme virgeholl huet, ass eppes, wat sech mer haut als bleiwend Bild vum Willy Bourg opdrängt.

Et ass mer an esou villen Diskussiounen opgefall, dass de Willy Bourg en ausgeprägtent Statsverständnis hat, dat fäerdeg bruecht huet wat déi meescht vun eis nëmme seele fäerdeg bréngen, sech selwer zréck ze huelen an d'Saach an hirer Globalitéit, an hirer Villschichtegkeet an an hire multiple Komplexitéiten ze kucken. Och säi Verméigen, wat en hat, ee matzehuelen an déi Stécker vu senger Welt, déi hien heibannen net gewisen huet, mä déi awer zu sengem Wiese gehéiert hunn.

Mir éiere jo hei de Politiker Willy Bourg. Dat war awer net dee ganze Mënsch. An een, deen an deene leschte Woche bei him war, fir och iwwert d'Enn vum Liewen ze schwätzen, weess, dass en aussergewéinlech räiche Mënsch vun eis gaangen ass, deen net all Aspekter vu sengem Räichtum a vu senger Komplettheet hei opblénke gelooss huet, well en och eng Timiditéit hat, wann et drëm gaangen ass dat ze weisen, wat méi déif an him souz.

Et ass dofir wou och d'Regierung sech där Trauer uschléisst, déi déi vun der Chamber ass a besonnesch vun der Fraktioun a vun der Partei, där de Willy Bourg, niewent sengem Déngscht um Land, e Liewe laang probéiert huet trei ze déngen. En hat bis ganz zum Schluss de Courage vun deem, dee méi wäit gesäit wéi säin eegent Enn.

### 2. Ordre du jour

M. le Président.- Léif Kolleegen, wat eisen Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, wollt ech der Chamber matdeelen, datt wéinst der Doudemass vun eisem Kolleeg Willy Bourg d'Sitzung vu muer op néng Auer mueres virverluecht ass.

### 3. Communications

Ech wollt der Chamber nach folgend Kommunikatioune maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Monsieur Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 13 février 2003, le projet de loi N°5100 modifiant le Code des assurances sociales et la loi modifiée

du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension.

Madame Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics, a déposé en date du 17 février 2003 le projet de loi N°5101 relatif aux études et travaux préparatoires en vue de la réalisation d'un centre national de la culture industrielle sur le site des hauts fourneaux à Belval-Ouest.

3) En date du 11 février 2003 le Président de la Chambre s'est vu remettre la pétition N°247 relative aux chiens.

4) La deuxième session d'hiver de l'Assemblée parlementaire de l'OSCE a eu lieu à Vienne les 20 et 21 février 2003. La Chambre des Députés y était représentée par M. Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés, Président de la délégation, ainsi que par les députés M. Ady Jung, M. Georges Wohlfart et M. François Bausch, membres de la délégation.

La délégation était accompagnée par M. Martin Bisenius, secrétaire de la délégation.

5) Par lettre du 19 février 2003 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre le texte d'une résolution sur les droits, les priorités et les recommandations de l'UE dans la perspective de la 59e session de la commission des droits de l'homme des Nations unies, qui se tiendra à Genève du 17 mars au 25 avril 2003, adoptée par le Parlement européen au cours de sa période de session du 29 au 30 janvier 2003.

## 4. Heure de questions au Gouvernement

Fir haut de Mëtteg hu mer eng Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 78 vun eisem Reglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit fir seng Fro virzedroen an d'Regierung véier Minutte fir drop ze äntwerten.

D'Froe kommen ofwiesselnd vu Majoritéit an Oppositioun.

Mir kommen elo zur Fro N°268 vun der Madame Agny Durdu un d'Bauteministesch iwwert d'Bauplänge vun deenen neie Lycéeën. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

**- Question 268 de Mme Agny Durdu au sujet des projets de construction de nouveaux lycées**

Mme Agny Durdu *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt am Kontext vun eiser Froestonn dës Fro un d'Madame Bauteminister stellen: De 5. Februar hu mer an dësem Haus de Plan sectoriel Lycées virgestallt kritt a mir konnten dovunner iwwerzeegt ginn, dass do net nëmmen ee Ministère eng ganz gutt Aarbecht geleescht huet, mä dass op eng ganz intelligent Aart a Weis gekuckt ginn ass, wou mer an Zukunft wäerte Lycéeën an eisem Land bauen, déi eng an enger noer Zukunft, déi aner an enger méi wäiter Zukunft an een, deen am Horizont seng Presenz markéiert.

Mä ech mengen d'Leit heibannen an d'Leit dobausse stelle sech elo d'Fro: Wéi ass et mat der konkreter Ëmsetzung vun deem Plan sectoriel Lycées? An an deem Kontext wollt ech folgend Froe stellen, déi am Fong geholl ronderëm deeselwechte Sujet dréinen.

Wéi wäit si mer mat den Ukeef vun deene verschiddenen Terrainen, déi mer brauche fir d'Lycéeën ze bauen?

Wat fir eng Solutiounen envisagéiert d'Regierung, am Fall wou se déi eng oder aner Terrainë vläicht net kritt, do wou se mengt? Ginn do vläicht eventuell aner Siten dann dee Moment gewielt, gëtt op déi zweetbescht Siten zréckgegraff, oder wat fir eng aner Méiglechkeeten huet d'Regierung sech virgeholl?

Wou sinn d'Grënn vun deene Retarden, déi elo do sinn? Sinn et nëmmen d'Problemer vun der Acquisitioun vun den Terrainen? An do wollt ech konkret froen, Madame Minister: Wéini hofft Der deen éischte konkrete Chantier kënnen unzefänken?

Dat waren déi Froen, déi ech wollt un d'Madame Minister stellen an ech soen am Viraus merci fir d'Äntwert.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Bauteminister Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech äntwerten op déi Fro, déi d'Madame Durdu formuléiert huet, folgendes:

Mir hunn am Plan sectoriel Emplacementer festgehalen. Dee Plan sectoriel gesäit wuel d'Plaze vir, mä nach net déi konkret Terrainen, an et ass ëmmer nach d'Fro wéi mer mat de Propriétairen eens ginn, wat jo och d'Madame Durdu an hirer Fro hei däitlech formuléiert huet, als eent vun den Elementer wat riskéiert Projeten ze retardéieren.

Wou si mer drun? Fir de Moment huet d'Regierung jo dräi Projete konkret festgehalen. Dräi Projete vun neie Lycéeën: Réiden, Jonglënster an Esch/Belval, an an deem Fall kann ech der Chamber matdeelen, datt fir Réiden de Compromis vum Terrain mat der Gemeng ënnerzeechent ginn ass, datt d'Négociatioune vum Comité d'acquisition mat Propriétairë fir d'Zoufahrtsweeër amgaange sinn.

Fir de Lycée Jonglënster kann ech d'Informatioun ginn, datt suite zu engem Accord mat der Gemeng an dem Minister vum Aménagement du Territoire, esou wéi och der Educatiounsministesch den Terrain definéiert ass, datt deemno de Parcelaire amgaang ass opgestallt ze ginn, dat heescht d'Kadasternummeren zesummegestallt ginn an datt, vu datt dëse Projet ganz enk zesummenhänkt mat dem Contournement vu Jonglënster, de Comité d'acquisition gebieden ass Terrainë fir déi zwee Projeten, dat heescht à la fois fir de Contournement an och fir de Lycée, ze kafen an dass domadder och d'Verhandlungen ufänken.

Wat de Lycée Esch/Belval ugeet, do ass d'Situatioun méi kloer, well dee Lycée, deen ass schonn an der Zone Parc Belval/Sud festgeschriwwen an do sinn d'Bebauungspläng vun de Gemengen Esch a Suessem amgaang an der Approbatiounsprozedur fäerdeggestallt ze ginn. Vu datt hei d'Terrainen d'Propriétéit vun der AGORA sinn, dierft et net allze schwiereg si fir och an d'Proprietéitsverhältnis vum Terrain ze kommen.

Wat dann d'Planung ugeet: Mir hunn am Plan sectoriel ganz kloer duergeluecht wéi d'Planungsphas vun engem Lycée ass. Mir versichen déi Phas esou kuerz wéi méiglech ze halen, doduerch datt mer eng Standardisatioun ugestrieft hunn, de Bauten- an den Educatiounsministère zesummen, esou datt mer fir déi nei Lycéeën net erëm vu vir brauchen unzefänke fir d'Erstellung vun dem Programm, mä direkt an d'Planungsphas ginn, esou bal mer wëssen datt déi Fro vum Terrain gekläert ass.

Mir hunn awer net dëse Standardisatiounsprojet ofgewaart a mir hunn am Fall vum Lycée Réiden schonn den Avant-projet sommaire fäerdeg. Dee war eng éischte Kéier an der Commission d'analyse critique an dee wäert ganz geschwënn der Regierung presentéiert ginn.

Wat de Lycée Jonglënster ugeet, do ass den Appel de candidature fir d'Architekten an d'Büroen eraus, obschonns mer nach net ganz genee mat den Terrainen eens sinn, mä awer wësse wéi d'Terrainë configuréiert sinn, wat jo och fir d'Planung net onwichteg ass.

D'Fro: Wat mécht d'Regierung, wa se d'Terrainen net kritt?, dat ass eng schwiereg Fro an do sinn natierlech zwou Solutiounen. Déi éischt ass déi, vu datt mer am Plan sectoriel d'un commun accord ënner Regierungsmembere festgehalen hunn, datt wa mer net virukommen, datt mer dann d'Utilité publique an d'Loi d'autorisation vum Projet aschreiwen. Dat heescht natierlech, datt an deem Fall wou d'Utilité publique ugewannt gëtt, den Zäitraum, an deem mer eens ginn, riskéiert méi laang ze ginn. Déi aner Solutioun, dat wier dann en alternativen Terrain ze sichen, an dat ass jo och net ëmmer esou einfach.

Fir mäi Fall kann ech soen, datt de Bauteministère säi Bescht mécht fir d'Projeten, esou bal wéi se an der Prozedur sinn, och esou séier wéi méiglech ze bauen. Mir hu gesinn, datt mer beim Lycée Mamer vum Début de chantier 1999 u bis seng Mise à disposition am Hierscht 2003 jo awer eng relativ kuerz Zäit gebraucht hunn. Dat heescht, wann de Bagger bis leeft, da wäert et och séier virugoen.

Et däerf een awer net vergiessen, datt, wann de Projet hei gestëmmt ass, dann nach de Projet définitif, d'Detail-Pläng mussen ausgeschafft ginn, d'Prozeduren an d'Wee geleet ginn, dat heescht de Kommodo ugefrot ginn, d'Baugenehmegung ugefrot ginn an alles wat zu engem Bauprojet gehéiert, esou datt mer domat och eng Zwëschenzäit hunn tëschent dem Vote vun dem Projet a sengem Ufank.

Fir den éischte Projet, de Lycée vu Réiden, rechne mer, datt mer vläicht am Fréijoer 2004 mam Bagger kënne lassfueren. Ech denke jo, dass mer keng Problemer hu fir vun der Gemeng d'Autorisatioun ze kréien, an déi aner Aarbechten, déi däerften awer bis dohinner ofgeschloss sinn.

Et däerf een allerdéngs och net vergiessen, datt niewent deenen neie Projetë vill aner Projeten amgaange sinn, Ausbauten, wou deen demographesche Problem, dee jo och hei an der Fro matschwéngt, awer e bësse verbessert gëtt, well wann ech un den neie Lycée zu Mamer denken, un d'Vergréisserung zu Dikrech, un de Lycée technique zu Esch/Raemerech, un d'Vergréisserung zu Diddeleng beim Nic. Biewer, un d'Vergréisserung déi zu Gréiwemaacher geplangt ass, un déi zweet Phas Wolz an dann deen neie Lycée zu Péiteng, dee Projet dee mer zu Dummeldeng an d'Wee geleet hunn, wou och, wat d'Terrainsproblemer ugeet, alles geléist ass, dann dierfte mer awer do, wat de Volume vu Plazen an eise Schoulen ugeet, eng Verbesserung kréien. Allerdéngs muss ech soen, datt mer mat dem Lycée technique zu Ettelbréck op Betong stoussen an do Schwieregkeete kréie wat d'Acquisitioun vun Terrainen ugeet, sou datt mer do eng vun deenen zwou Solutiounen, déi ech éinescht ugedeit hunn, wäerte mussen applizéieren.

M. le Président.- Ier mer mat eise Froe weiderfueren, wollt ech d'Chamber froen ob se d'accord ass d'Fro 278 un den Här Innenminister Michel Wolter virzezéien, well den Här Minister Wolter nach eng dringend Auslandsverpflichtung huet.

***(Assentiment)***

Dir sidd domadder d'accord, da géinge mer elo d'Wuert un den Här Mars Di Bartolomeo gi fir d'Fro un den Innenminister iwwer en Ofkommes tëschent der Lëtzebuerger Polizei an der belscher Regierung. D'Wuert huet den Här Mars Di Bartolomeo.

**- Question 278 de M. Mars Di Bartolomeo concernant l'accord „maintien de l'ordre" du service de la police luxembourgeoise avec le Gouvernement belge et les conséquences qui en résultent pour les personnes concernées**

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deene leschten Deeg ass ugekënnegt ginn, dass et zu Manifestatioune vu belschen an däitsche Stolaarbechter hei zu Lëtzebuerg géif kommen, géint d'Absichte vun dem Arcelor Management, fir Anlagen op enger Rei vu Siten an der Belsch an an Däitschland zouzemaachen.

Mat deene Berichter ass eng Informatioun verbonne ginn, dass an der Zwëschenzäit eng Rei vu Lëtzebuerger Polizisten an der Belsch géifen op belsche Wasserwerfer trainéieren, an et ass en direkten Zesummenhang gemaach ginn tëschent deem Training an där programméierter Manifestatioun virum Arcelor-Gebai.

Dofir wollt ech vum Innenminister wëssen, ob hie méi Detailer iwwert déi geplangte Manifestatioun huet? Ob déi Trainingsaarbechten, déi am noe Belschgebitt op belsche Wasserwerfer gemaach ginn, eppes mat där Manifestatioun ze dinn hunn? Wéi d'Approche vun der Regierung vis-à-vis vun esou Manifestatiounen ass? Ob mer vun eiser traditioneller Approche ofwäichen, déi dorop eraus leeft dass mer just am Extremfall polizeilesch, respektiv militäresch Presenz an iwwergroussem Mooss weisen? Wat d'Grondlag ass vun deem Training? Ob déi Wasserwerfer an deenen nächsten Deeg wäerten hei zu Lëtzebuerg optauchen?

Ech hu gemengt dass déi Fro noutwendeg wär, well eben den Zesummenhang tëschent belsch-lëtzebuerger Accorden an där Manifestatioun, déi geplangt ass, hiergestallt ginn ass.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Innenminister Michel Wolter.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng konsequent Politik vun der Lëtzebuerger Regierung, fir der Polizei dat Material zu Verfügung ze stellen, wat se am Kader vun der Erfëllung vun hirer Missioun brauch. Mir wäerten an e puer Wochen iwwert d'Reorganisatioun vun de Forces de l'ordre hei an der Chamber d'Geleeënheet hunn ze diskutéieren, an dobäi wäerte mer gesinn dass säit 1999 e konsequente Programm opgestallt ginn ass, fir eiser Polizei Material zur Verfügung ze stellen, wat haut zum standardiséierte Material vun de Polizeie praktesch a Gesamteuropa gehéiert.

Dobäi gräife mir a gewëssene Fäll op d'Kooperatioun mat eisen Nopeschlänner zréck, iwwerall do wou eis dat sënnvoll erschéngt. Sou och eisen Accord, deen de 4. Juni 1996 tëschent der Lëtzebuerger Regierung an der belscher Regierung ënnerzeechent ginn ass, relatif à la coopération policière transfrontalière, deen a sengem Artikel 4 gemeinsam Formatiounssessiounen a Stageformatioune virgesäit, an deen a sengem Artikel 7 och virgesäit, dass Echange vu Material ka stattfannen op d'Demande vun där enger a vun där anerer Säit.

Mir si mat enger Echéance confrontéiert, an dat ass d'Présidentschaft vum Joer 2005, déi mer amgaange sinn ze presidéieren. Wann ee weess, dass déi Présidencen an deene leschte Jore mat zounehmender Apparitioun vu méi oder manner gewalttätege Manifestatioune confrontéiert war, huet et eis sënnvoll geschéngt fir eis Polizei dès aujourd'hui op déi Evénementer, an op aner Evénementer, ze preparéieren, dofir hu mer vrun enger Rei vu Méint Kontakter mat der Belsch opgeholl, fir mateneen déi Echéance do, an aner Echéancen, virzebereeden.

Ech erënneren drun, dass mer d'lescht Joer en Accord ënnerschriwwen hu wat d'Exploitatioun vun eisem Helikopter ubelaangt, dee mer an enker Zesummenaarbecht mat der belscher Polizei maachen. An deemselwechten Esprit sti säit enger Rei vu Méint Verhandlungen um Gebitt un, iwwer wat een nennt Maintien de l'ordre, wou mer zu enger Säit amgaange si Mannschaftsween an och Equipementer eise Polizisten zouzeleeën, déi mer an deenen nächste Wochen och am Public wäerte presentéieren, an zum aneren och en vue vun deenen Evénementer, wouriwwer mer eis mat deene Belsch eens gi si fir eng Rei Wasserwerfer an och blindéiert Truppentransporter, esou genannt APC-Transporter vun hinnen, an enger éischter Phas zur Verfügung gestallt ze kréien, en attendant dass mer d'Décisioun an der Regierung huelen, ob mer oder ob mer eis net selwer an deem Charoi och en Equipement zouleeën oder net.

Et ass och richteg, dass do gemeinsam Traininger scho stattfonnt hunn. Sou sinn och an deene leschte Wochen fënnef Equipë vun eis - wa meng Informatioune richteg sinn - op deem Matériel do ausgebilt ginn, well dat ass ee Material wat een net einfach esou kann utiliséieren, mä wou eng gewëssen Ausbildung besteet.

Wat elo déi méiglech Manifestatioune vun en Donneschden an e Freide virun der Arcelor ubelaangt, sou hu mer eis en prévision dovunner mat der belscher Polizei, dat heescht eis Polizei mat hinnen, ofgeschwat. Mir wäerte pour le cas où vun der belscher Polizei fir en Donneschden an e Freide véier Wasserwerfer zur Verfügung gestallt kréien, sechs blindéiert Truppentransporter a 600 Meter Barrière, sou genannte Cheval de frise, dat ass déi neiste Generatioun. Eis Poliziste mussen, wa se mat enger Manifestatioun confrontéiert sinn, zurzäit nach mat deene Clôturen ëmgoen déi mer soss fir den Tour de France an den Tour de Luxembourg benotzen. Dat ass awer polizeitaktesch net méi déi leschte Generatioun, sou dass et eis noutwendeg geschéngt huet, och do déi noutwendeg Changementer virzehuelen a mer och, wéi ech dat scho gesot hunn, drun denken dat Material do eventuell anzekafen.

A wéi engem Mooss déi Outillen do mussen agesat ginn, ech mengen dat hänkt net vun eis of, dat hänkt vum Déroulement vun de Manifestatiounen of. Et ass sécher, dass dat Material net agesat gëtt wann déi Manifestatioune sech an deene Kaderen, an deene Limiten opspillen, wéi mer se zu Lëtzebuerg gewinnt sinn.

Mir wollten awer, a mir sinn och genötegt an Zukunft preparéiert drop ze sinn, dass wa Manifestatiounen iwwerhand huelen, wa Saache geschéien déi net méi mam Maintien de l'ordre kënnen als compatibel ugesi ginn, eise Polizisten dat néidegt Material zur Verfügung ze stellen, fir eng adequat Protectioun fir si virzehuelen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Da komme mer elo zur Fro 273 vum Här Jos Scheuer un den Aarbechtsminister iwwert d'Inspection du Travail et des Mines. Den Här Jacques-Yves Henckes huet seng schréftlech Fro 2050 iwwert datselwecht Thema gläichzäiteg agereecht, an dofir gëtt se och mat där heiter behandelt. D'Wuert huet elo fir d'éischt den Här Jos Scheuer.

**- Question 273 de M. Jos Scheuer au sujet d'une restructuration éventuelle de l'Inspection du Travail et des Mines**

**traitée conjointement avec la**

**- Question parlementaire 2050 de M. Jacques-Yves Henckes relative à l'audit de l'Inspection du Travail et des Mines réalisé par le BIT**

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat déi Fro scho viru véierzéng Deeg agereecht a wollt dem Aarbechtsminister se stellen. Se ass deemools dem Irak-Krich zum Opfer gefall.

Här President, et ass en Audit externe iwwert d'Inspection du Travail et des Mines gemaach ginn, an deen Audit externe soll natierlech de Fonctionnement vun der ITM analyséieren an och eng eventuell Reorganisatioun virschloen. Aus iergendwelche Grënn sinn Detailer - awer nëmmen Detailer - oder Konklusiounen aus där doter Etüd duerchgesickert, se sinn duerch Indiscrétioune bekannt ginn. An dorophi sinn dann eng ganz Serie vu Froe gestallt ginn an et sinn och Protester formuléiert ginn. Et huet wierklech zu Onrouen an de bestehenden Administratioune vun der ITM gefouert.

An dozou wollt ech eng doubel Fro stellen. Éischtens: Wéi gedenkt den Aarbechtsminister mat där Etüd do ëmzegoen?

Dat ass déi allgemeng Fro.

Déi zweet Fro, déi sech dorun uschléisst an déi natierlech och muss gestallt ginn: D'ITM ass dezentral organiséiert op dräi Plazen an d'Fro un den Aarbechtsminister ass, ob hie gedenkt d'ITM elo méi ze zentraliséieren. Dat géif heeschen, datt se elo an der Stad méi massiv géif opgebaut ginn. An deem Fall géif dat sech verbanne mat engem eventuellen Ofbau zu Esch an zu Dikrech.

Ech wollt do derbäiflécken, datt d'ITM elo keng back-office Administratioun ass, mä datt d'ITM hir Roll ze spillen huet am Kommodo/Inkommodo-Verfahren, datt se eng Ulafstell ass net nëmme fir d'Entreprisen, mä och fir ganz vill Salariéen, wa se no hirem Recht froen oder wa se sech vergewëssere wëllen, datt se vum Patron richteg behandelt ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här Minister, ech si gewuer ginn duerch e Bulletin d'information vum Bureau international du Travail, deen eis vun der Chamber zougestallt ginn ass, datt eng Etüd gemaach gi wier hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Reform vun der Inspection du Travail et des Mines.

***(Interruption)***

Ech sinn net Member vun der Kommissioun, mä ech hat virdrun de sozialistesche Kolleeg héiere wéi hie gesot huet, datt do Indiscrétioune virkomm wieren.

Ech wollt nëmme soen, datt mer dat awer als normal Parlamentarier alleguerten zur Verfügung gestallt kritt hunn. Aus där Etüd geet anscheinend ervir, datt de Käschtepunkt vun de Krankmeldungen an den Accidenter beim Salariat sech pro Joer op 600 Milliounen Euro beleeft. Dat ass en importente Chiffer. Den Audit huet verschidde Konklusioune proposéiert fir kënnen d'Situatioun ze amélioréieren, wat de Fonctionnement vun der Inspection du Travail et des Mines ugeet. Duerfir wollt ech froen, Här Minister: Kënnt Dir ons matdeelen, wat déi Konklusioune vun deem Audit sinn?

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Deen zweete Punkt ass: Wéi deelt sech de Käschtepunkt op? Drëttens wollt ech froen, ob d'Regierung gewëllt ass sech deene Konklusiounen unzeschléissen oder net.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

***(Interruptions diverses)***

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si selbstverständlech ganz frou fir hei kënnen iwwert d'Reform vun der Gewerbeinspektioun ze schwätzen, wat ech schonn e puermol an dësem Sall gemaach hunn, well et eng wichteg Reform ass. Ech wäert op all déi Froe wëllen esou kuerz wéi méiglech äntwerten. Erlaabt mer awer meng Verwonnerung zum Ausdrock ze bréngen iwwer wéi wéineg verschidden Deputéierten déi politesch Aktualitéit suivéieren.

Ech hu vill an dëser Chamber iwwert dee BIT-Bericht geschwat. Ech hunn de 14. Januar déi Verantwortlech vum BIT vu Genève e ganzen Dag op Lëtzebuerg komme gelooss, wou mer fir d'éischt moies an där zoustänneger Chamberkommissioun waren, wou ech mengen dass den ADR awer net vertruede war. Doropshin hu mer sämtlech Gewerkschaften, Patronatsvereinigungen an aner Acteure gebrieft a mëttes hu mer eng grouss Pressekonferenz ginn. Dee ganze BIT-Bericht ass mat all sengen Detailer vu mir selwer veröffentlecht ginn. Wann een hei Saachen eraussickere gelooss huet, da war ech et selwer, well ech hunn de 14. Januar dat öffentlech gemaach, well ech gär eng öffentlech Debatt gehat hätt.

Ech hu vun Ufank u gesot - fir direkt op d'Fro ze äntwerten, wéi d'Regierung mat dem BIT-Rapport ëmgoe wëllt -, dass dee BIT-Rapport eppes Ganzes ass. Do si Saachen dran déi mir manner gutt gefalen oder Saachen déi mir besser gefalen. Do sinn ëmmer Saachen dran, déi deem enge manner gutt oder besser gefalen, mä et ass e Bericht aus engem Goss. Mir hunn deen extraen Optrag gi fir eppes ze hu wat neutral ass, wat vu Leit zesummegestallt ginn ass déi eppes kenne vu Gewerbeinspektiounen an déi eis op d'Fro geäntwert hunn: Wat soll eng Gewerbeinspektioun vum 21. Jorhonnert sinn?

Mir ginn dat heiten als Ganzt un. Ech loosse mech duerfir net op deenen eenzelne Froen elo vun deenen eenzelnen Interesséierten ausernee rappen, well dat soll als Ganzt diskutéiert ginn. Wat herno erauskënnt, wat herno vun der Regierung respektiv der Chamber erausgeet, well dat fléisst an e Gesetz an, dat wäerte mir diskutéieren opgrond vun enger Prozedur déi mer eis ginn hunn, eng Prozedur déi ganz kloer ass.

Den Här Henckes huet hei gefrot wat d'Konklusioune sinn. Nach eng Kéier: Jiddfereen, dee gären dee Bericht hätt, kritt en. Ech hat gemengt d'Deputéierten hätten en alleguer, mä wann nach Demande do ass, Här President, Dir kritt gären nach vill Berichter. Ech soen lech nëmmen déi allerlescht Recommandations finales. Éischtens „ne pas se contenter de mesures isolées. Un électrochoc serait nécessaire pour garantir les meilleures chances de succès". Zweetens „veiller à une approche participative". Drëttens „constituer un comité interne d'examen et de suivi de la réforme avec des représentants de tous les secteurs de l'ITM, qui serait chargé notamment de hiérarchiser les problèmes, de fixer un planning des mesures, de contrôler leur mise en oeuvre et surtout de faciliter le processus de changement".

Dat maache mer. Mir hunn en Aarbechtsgrupp, wou sämtlech Carrièrë vun der Gewerbeinspektioun dra vertruede sinn. Déi maache Virschléi. Mir hunn och en externen Aarbechtsgrupp mat de Sozialpartner, wou mer kucke fir iwwert d'Gesetz ze schwätzen. Dat alles gëtt iwwer eng wierklech kollaborativ a participativ Mesure ausdiskutéiert an da kommen an deenen nächste Méint d'Konklusiounen.

Wat elo d'Fro vum Här Scheuer ubelaangt iwwer Dezentraliséierung oder Net-Dezentraliséierung, ass et effektiv esou, dass elo verschidde Leit schrecklech opgereegt sinn a fäerten, dass hir Plaze géife verluer goen. Ech wëll dann iwwert d'Agencë soen, wat am Rapport steet, deen Der all kënnt noliesen: „L'isolement des agences" ass ee Punkt, dee vum BIT opgegraff gouf. „Les agences sont isolées par rapport au siège de l'ITM, mais aussi entre elles. Elles peuvent être très bien organisées, mais elles travaillent en vase clos de manière autonome presque livrées à elles-mêmes. Le fonctionnement et les méthodes sont différents d'une agence à l'autre. Des échanges d'expérience sont pratiquement inexistants. Les outils ne sont pas partagés. Aucune séance de coordination n'est organisée entre les agences" an esou weider, wat beweist datt et net eleng duer geet fir ze soen: Mir hunn Agencen, fir dass d'Aarbecht gutt gemaach gëtt, mä do gëtt et Problemer.

Dofir seet de BIT a senge Konklusioune Folgendes: „Promouvoir le principe d'une inspection nationale du travail avec des antennes décentralisées. Cela implique une unité retrouvée, une culture ITM. Les agences ne sont plus des entités autonomes, mais sont partie intégrante de l'Inspection du travail du Grand-Duché chargées de tâches particulières en harmonie avec la politique nationale. La mission se pose d'ailleurs la question de savoir s'il ne serait pas opportun de réunir dans un premier temps tout le personnel dans un seul bâtiment pour reconstruire une cohésion avant de reconstituer des représentations régionales."

Dat ass dat wat am BIT-Rapport steet an et ass dat wat mer mat aller Seriositéit duerchdrécken. Ech wäert mech do net relles maache loosse vun deem engen oder aneren Drock. Ech mengen dat ass kloer.

Dann hat den Här Henckes nach d'Fro gestallt iwwert déi 580 Milliounen, wat dat géif kaschten. Do ass et esou, do hu mer eis baséiert op Informatioune vun der Assurance-accident. Dat si 580 Milliounen Euro. Dat ass dat wat d'Patronen als Coûts directs bezuelen. Dat kënnt dobäi bei d'Coûts indirects. D'Coûts indirects ass alles wat ee verléiert vu Produktivitéit - elo schwätzen ech net vun dem Misär vun deene Leit, déi Aarbechtsaccidenter hunn, mä wat e Betrib vu Produktivitéit, vu Compétitivitéit verléiert, wa Leit duerch en Aarbechtsaccident ausfalen. Dat kënnt also nach alles do derbäi. Dat sinn eben déi Zuele wéi se mer constituéiert hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir wäert nach an deenen nächste Wochen a Méint vu mir héiere wéi dat weidergeet, well ganz villes kann innerhalb vun der Gewerbeinspektioun geschéien, fir méi effikass ze schaffen. De BIT-Rapport huet zum Beispill net geschriwwe mir missten Honnerte vun neie Leit astellen, mä et misste vill Aarbechtsmethode kommen. Dir wäert do vu mer héieren.

Natierlech geet dat de paire mat enger Reform vum Gesetz a schliesslech mussen all d'Sozialpartner, d'Gewerkschafte wéi d'Betriber matspillen. Ech hunn awer do all Vertrauen, dass déi zwou Parteien, souwuel d'Gewerkschafte wéi d'Betriber do matspillen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 274 vum Här Jean Huss un de Gesondheetsminister iwwer eng Relaisstatioun fir Mobiltëlefoner zu Diddeleng. D'Wuert huet den Här Huss.

**- Question 274 de M. Jean Huss relative aux problèmes soulevés au sujet d'une station relais pour téléphones portables à Dudelange**

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat scho virun engem gudde Joer hei vun dëser Plaz aus op méiglech Gesondheetsrisike vu Mobilfunkantennen higewisen.

Vun internationalen Noriichtenagencë sinn zënterhier ëmmer erëm Fäll bekannt ginn, wou quer duerch Europa vill Leit - an Däitschland zum Beispill schéngt et am Moment 11.000 Biergerinitiativen ze ginn - sech iwwer onerkläerlech Gesondheetsproblemer beklot hunn, nodeem an hirer Noperschaft Mobilfunkantennen opgebaut gi waren, an iwwerall gëtt praktesch ëmmer vun deeneselwechte Gesondheetsproblemer geschwat: net méi normal kënne schlofen, Drock am Kapp, Kappwéi, Schwindel, Migränen, onerkläerlech Häerzkreeslaf- a Bluttbildveränneren, méi heefeg Kannerkränkten an esou virun, vun onerkläerlech geheeften Eenzelfäll vu Leukämie bei Kanner an Hirntumeure bei Erwuessenen op eenzelne Plazen am Ausland emol net ze schwätzen.

Här Gesondheetsminister, zu Diddeleng an der Cité op der Nuddelsfabrik hunn elo viru kuerzem 91 Leit, déi do wunnen, eng Petitioun ënnerschriwwen, fir datt d'Mobilfunkantenne vum Daach vun hire Wunnengen, dem Gebai dräi, erëm sollten ewechgeholl ginn, well och bei hinnen zënterhier onerkläerlech Gesondheetsproblemer opgetaucht wieren: Schlofloosegkeet, Kappwéi, Schwindel, Stéierung vum Bluttbild an esou virun.

Zwee Dokteren zertifiéieren Eenzelne vun hinnen och schrëftlech e méiglechen Zesummenhank vun hire Symptomer mat dësen Antennen.

Meng Froen un den Här Gesondheetsminister sinn déi heiten:

1. Stëmmt et, datt déi Antennen nëmmen zum Deel eng Autorisatioun hunn?

2. Sidd Dir als Santésminister bereet am Fall Diddeleng eng vum Bedreiwer onofhängeg Enquête ënner Abezéiung vun onofhängegen auslänneschen Expären an d'Wee ze leeden an eis hei doriwwer Bericht ze maachen?

3. Sidd Dir méi allgemeng gesi bereet, well biologesch Effeten op den Organismus an domat eventuell Gesondheetsbelaaschtunge vun onofhängege Wëssenschaftler scho wäit ënnerhalb vun den offizielle Grenzwäerter festgestallt konnte ginn, de Principe de précaution unzewenden an hei am Land an um Niveau vun der Europäescher Unioun fir eng drastesch Senkung vun dëse Grenzwäerter anzetrieden, esou wéi dat vun ëmmer méi Ëmweltmedeziner a Wëssenschaftler europawäit gefuerdert gëtt?

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, selbstverständlech ass déi Problematik vun der Nuddelsfabrik zu Diddeleng mer bekannt. Ech weess, datt esou vill Leit reklaméieren an datt se soen, datt dat effectivement eppes mat deene Stations de base ze dinn hätt, déi wéi gesot bei deem Gebai vum Fonds de Logement stationéiert sinn.

Esou wäit wéi ech renseignéiert si stëmmt et, honorabelen Här Huss, datt wéi et schéngt een Deel vun den Autorisatioune géif virleien, datt en aneren Deel en instance wär de Moment. Ech weess och vum Buergermeeschter vun Diddeleng, datt en déi doten Affär suivéiert an datt momentan also nogekuckt gëtt, ob déi Zwee-Deel-Autorisatioun an der Rei ass oder net.

Ech sinn effectivement der Meenung, datt déi Autorisatioune mussen d'Prozeduren à la lettre anhalen. Ech sinn och der Meenung, datt ee sollt preventiv Miessunge virhuelen, dat awer incombéiert net meng Servicer. Dofir si mir net gerëscht, mä selbstverständlech geet dat an d'Kompetenze vun der ITM a vum Environnement.

Wat also d'Fro vun der Enquête ubelaangt, mengen ech, hunn ech déi domadder scho beäntwert. Ech mengen effectivement, datt een et net ganz einfach soll bei där Saach do beloossen.

Wat elo dee berühmte Principe de précaution ugeet, wëll ech awer soen, honorabelen Här Huss, datt de Moment d'Positioun vun der OMS, der Organisation Mondiale de la Santé, absolut net bougéiert huet zënter hirem Aide-mémoire vum Juni 2000, wou se soen datt näischt drop hiweist, datt eng Expositioun un d'Champs électromagnétiques de haute fréquence kënnt effectivement am Zesummenhank leie mat eventuelle Gesondheetschied. Et gëtt och dovun ausgaangen, datt munch Konfusiounen opkomm sinn duerch de Fait, datt de CIRC, dat heescht de Centre International de Recherche sur le Cancer, wat jo och en Departement ass vun der OMS, am Juni 2001 d'Champs magnétiques à basse fréquence effectivement an d'Kategorie vun de peut-être cancérigènes agestuuft huet. Mä d'OMS mécht eng fundamental Differenz tëschent de Champs électromagnétiques à haute fréquence an à basse fréquence. Dat zu deene leschten Erkenntnisser vun der OMS.

Ech wëll awer drop hiweisen, datt justement am Kader vun der OMS an der Kommissioun vu Bréissel dëser Deeg hei zu Lëtzebuerg Réunioune waren. Gëschter war wéi et schéngt en öffentlechen Hearing, wou ganz kontradiktoresch diskutéiert gi wär, an haut ass eng Réunion interne hannert verschlossenen Dieren tëschent der OMS an der Kommissioun. Ech mengen, et wär interessant effectivement gewuer ze ginn, ob dee Moment de Principe de précaution vun hinne géif recommandéiert ginn oder net. Ech sinn op alle Fall gär bereet, esou bal ech Informatiounen hunn, Iech déi weider ze ginn, wëssend datt Der Iech passionéiert fir deen dote Sujet.

Ech wëll awer och nach, Här President, betounen datt, wat de Principe de précaution ubelaangt, mir zu Lëtzebuerg deen awer en fait schonn eigentlech uwenden, vu datt déi Normen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, mat där strengster sinn europawäit, an ech mengen dat kënnen och d'Leit vum Environnement a vun der ITM bestätegen.

Ech soe merci.

M. le Président.- Da komme mer elo zur Fro 276 vun der Madame Renée Wagener un de Gesondheetminister, iwwert d'Ariichtung vun engem Heem fir Drogenofhängeger hei an der Stad op der Gare.

**- Question 276 de Mme Renée Wagener au sujet de l'implantation à Luxembourg-Gare d'un foyer d'accueil pour les toxicomanes et d'un local d'injection**

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. En fait geet et ëm dee Foyer de nuit fir toxikoman Leit an d'Fixerstuff, déi soll an der Hollerecher Strooss installéiert ginn, a wou an der Press schonn op dee mir onverständleche Fait higewise ginn ass, datt dee Projet anscheinend a Fro gestallt wär, dat well d'Gemeng Lëtzebuerg net mam Choix vum Site d'accord ass.

Ech wëll drop hiweisen, datt dee Projet zesumme mat deem vum Foyer de nuit an och vun der Distribution contrôlée vum Heroin schonn am Aktiounsprogramm virgesi wor vum Gesondheetsministère, an datt de Projet sollt 2003 eigentlech an de Startlächer stoen.

Ech wollt vum Gesondheetsminister wësse wéi et méiglech ass, datt e Projet esou wäit ka fortschreiden. Ëmmerhi wore schonn zënter enger Zäit zwee Posten am Budget virgesinn, ouni datt d'Fro iwwert de Site mat allen Acteure gekläert an och definitiv tranchéiert ass. Ech weisen an deem Kontext op eng Äntwert vum Här Minister hin op eng Question parlementaire vu mir vum 3. September 2002. An där heescht et: „En ce qui concerne la création d'un lieu d'injection sous contrôle médical, je tiens à rappeler que le plan d'action prévoit son intégration dans le nouveau foyer d'accueil d'urgence dont le site et le financement sont garantis, et dont la construction débutera dès que les démarches administratives seront conclues."

Zweetens wollt ech wëssen, wéisou de Ministère an d'Gemeng, déi allenzwee vun DP-Hand gefouert ginn, net à même woren do ze communiquéieren.

Drëttens, vu wou deen Drock hierkënnt, deen zur Afrostellung vum Site gefouert huet, well ech selwer op meng Nofuerschunge bei de Bistrotsbesëtzer, déi et do an der Strooss gëtt, respektiv Bedreiwer, awer erausfonnt hunn ze mengen, datt den Drock net vun do hier kënnt. Déi Leit sinn zwar net ganz glécklech mat deem Projet, mä et schéngen awer net si ze sinn, déi do elo nach eng Kéier insistéiert hunn.

Véiertens, awéiwäit deen alternative Site, deen am Gespréich ass um leschte Steiwer, net och problematesch ass, well en net nëmmen no bei engem zukünftege Lycée soll sinn, mä och beim Quartier Bouneweg, deen an Hisiicht Foyer d'accueil schonn eng staark Charge ze droen huet, an ob een net hätt kënnten de Projet zu Hollerech ufänken, kucken ob et wierklech esou problematesch ass wéi dat vu verschiddene Leit a Säite gemengt gëtt, an da gegebenefalls en cours de route driwwer nodenken, ob een anere Site sech géif eegnen, vu datt jo awer wierklech an deem heiten Dossier eng grouss Urgence besteet.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka bestätegen datt déi sougenannte Fixerstube, wéi se jo op lëtzebuergesch genannt gëtt, effectivement an dem Plan d'action 2000/2004 vum Ministère de la Santé besteet. Ech muss och soen, mir hate laang Zäit mat der Stad Lëtzebuerg Konsensus iwwert de Site. Ech wëll drun erënneren, datt mer am Juni 2001 schonn zesumme komm si fir iwwert déi ganz Problematik ze diskutéieren. Ech wëll och drun erënneren, datt ech deen dote Projet am Januar/Februar 2002 duerch de Conseil de Gouvernement goe gelooss hunn, datt mer doropshin och eng Kéier am Mäerz 2002 mat der Stad Lëtzebuerg zesumme komm sinn, datt d'Stad Lëtzebuerg och scho virun der grousser Vakanz déi Pläng presentéiert kritt huet, selbstverständlech déi provisoresch Pläng, an datt mer also zesummen un där doter Aktioun geschafft hunn.

Ech sinn dunn am Januar dëses Joers vum Buergermeeschter drop opmierksam gemaach ginn, datt et an hiren Aen net méi méiglech wär op där doter Plaz. Ech hunn dat an enger Réunioun mam Buergermeeschter a mam Schäffen, dem Här Wiseler, de 4. Februar confirméiert kritt. Wat d'Ursaache sinn, ech muss soen, honorabel Madame Wagener, ech hunn et bis elo nach selwer net richteg erausfonnt. Ech weess, datt Leit reklaméieren, mä ech weess net genau wéi eng Leit. Ech mengen, et ass also eng Fro, déi een éischter misst un d' Stad Lëtzebuerg riichten. Ech weess net, wou déi Pressioun genau hierkënnt. Ech war bis elo der Meenung, et wären effectivement d'Leit vun deene Bistroen a Bare ronderëm déi reklaméiert hätten, mä Dir sot jo de Mëtteg, Äre Connaissancen no wären et déi net.

Wat de Site alternatif ubelaangt, esou muss ech soen datt dee Site kaum kann a Fro kommen. Et ass nämlech net logesch, datt een op där enger Säit seet beispillsweis, et passt eppes net an d'Nuetsliewen eran. Dat waren d'Wierder vun der Stad Lëtzebuerg, et géif net an d'Nuetsliewekonzept erapassen, an op där anerer Säit dee Moment eppes wëlle bei e Lycée setzen. Dat besonnesch, vu dass mer wëssen, dass dat Nuetsliewe jo bekanntlech eréischt owes spéit ugeet, dee Moment wou d'Dieren, kann ee soen, vun der Fixerstuff zougespaart sinn, während am anere Fall mat deem Site alternatif, wou proposéiert ginn ass, do effectivement de ganzen Dag duerch géifen déi toxikomanesch Leit mat de Schüler zesumme lafe wat, wéi gesot, inakzeptabel ass.

Dee leschte Stand vun der Saach wëll ech Iech awer och matdeelen. Dat ass deen, dass mer net méi spéit wéi gëschter eng, wéi soll ech soen, temporaire Alternativ proposéiert kritt hunn, en attendant dass géif eng besser oder méi eng ideal Plaz fir déi definitiv Fixerstuff fonnt ginn. Selbstverständlech hu mir net einfach blannemännerchers Nee gesot. Mir wäerten déi Alternativ ganz soigneusement studéieren, fir ze kucken ob ee kann op deem Plang mat sech schwätze loossen oder net.

Fir de Rescht ass, wéi gesot, dee Plang, wou mer fir d'Gebai 46, rue de Hollerich, haten, de Moment an der Stater Gemeng mat enger Demande d'autorisation.

Ech wëll awer och nach ofschléissend betounen, an ech mengen och d'Madame Buergermeeschter vun der Stat Esch kann dat bestätegen, dass mer och kucke mat der Stad Esch fir eventuell do Méiglechkeeten ze fanne fir d'Zukunft.

Ech soe merci.

M. le Président.- Komme mer elo zur Fro 279 vum Här Mars Di Bartolomeo un den Här Gesondheetsminister iwwer een Ofkommes vun der Regierung engersäits an den Dokteren an den Zänndokteren anerersäits. D'Wuert huet den Här Mars Di Bartolomeo.

**- Question 279 de M. Mars Di Bartolomeo relative à l'accord conclu entre le Gouvernement et l'Association des médecins et médecins-dentistes du Grand-Duché de Luxembourg**

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir si virun der Vakanz gewuer ginn dass d'Regierung eens ginn ass mat der AMMD, wat d'Fuerderungen ugeet déi d'Dokteren op den Dësch geluecht hunn. D'Regierung huet bekannt ginn, datt se e Paquet ausgehandelt huet mat den Dokteren, deen d'Majoratioune bei den Tariffer an eng Indexéierung géif erlaben.

Bis haut ass d'Chamber iwwert deen doten Accord net informéiert ginn. De Minister weess dass d'Chamber sech ganz vill fir déi doten Diskussiounen interesséiert, well mer hei an der Chamber der Meenung waren, dass dee Conventionnement eng falsch Äntwert op en echte Problem wär, an dass d'Chamber och bereet war Äntwerten op déi echt Problemer ze ginn, déi Dokteren opgeworf haten. Mir sinn an deene leschten Deeg gewuer ginn dass d'UCM, d'Union des Caisses de Maladie, déi d'Rechnung vun deem Accord soll bezuelen, bis haut näischt iwwert den Detail vum Accord mat der Regierung weess.

Dofir wollt ech haut vum Minister wëssen: Op wat fir enger Basis ass d'Regierung mat den Dokteren eens ginn? Ass et richteg dass d'Sozialpartner bis haut net iwwert deen Accord informéiert sinn? Wat ass de geneeën Inhalt vun deem Accord? Wat ass de Montant deen ausgehandelt ginn ass? Wéi sollen déi Moossname finanzéiert ginn? Si se budgetiséiert am Budget vun der Union des Caisses de Maladie? Huet d'Regierung optéiert fir Moossname mat engem allgemenge Charakter oder, wéi dat vun eis och suggéréiert ginn ass, fir selectiv Moossnamen, fir besonnesch och op de Problem vun de Generaliste kënnen anzegoen?

Lescht Fro: Wat fir eng Procédure stellt d'Regierung sech vir, fir dës Kéier ze verhënneren dass mer e Patzer kréien, wéi dat mam Index de Fall war, wou de Statsrot eis genéidegt huet en aus dem Gesetz eraus ze huelen? A virun allem: Wéi ass d'Zäitschinn, an där mer als Chamber mat deem doten Accord offiziell confrontéiert ginn? A wat fir engem Zäitplang gedenkt d'Regierung deen doten Accord ze verofschidden, dee jo ganz offensichtlech, vu dass en ausserhalb vun de Verhandlungen tëschent de Sozialpartner geschitt ass, e Gesetzprojet wäert noutwendeg maachen?

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Fein, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn d'Impressioun dass ech eleng géif hei de Mëtteg matspillen.

Une voix.- Wann een eppes kann!

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Héiert!

Fir dann op déi verschidde Froen anzegoe vum Här Di Bartolomeo. Jo, et stëmmt dass d'Regierung en Accord mat den Doktere fonnt huet. En Accord wou sech am Schnëtt op 6,62% beleeft. Dat heescht 6,65% fir d'Dokteren a 6,49% fir d'Médecins-dentistes.

Ech wëll och direkt vir op soen, dass mer effectivement deene Recommandatioune vun der Chamber nokomm sinn, wat awer och eis fest Iwwerzeegunge waren, dass een net sollt einfach linéaire Augmentatioune ginn, mä dass mer et am Kader vun de Besoine vu verschiddene Branchë gemaach hunn, ganz besonnesch an der Medizin - et ass ëmmer geschwat gi vun de Generalisten -, wou déi also am meeschte betraff wären. Wou een awer och muss soen, dass och aner Disziplinne betraff sinn. Ech wëll do erënneren, beispillsweis un d'Pédiatren, ech wëll och erënneren un d'Psychiateren an esou virun. Ech kann also soen, dass nëmme selectiv Mesurë geholl si ginn.

Wat elo d'Kommunikatioun oder d'Réunioune mat de Partenairesociauxen ubelaangt, sou hunn ech déi fir, mengen ech, den 12. Mäerz aberuff. Sou dass déi dee Moment op alle Fall am Detail iwwer déi sämtlech Mesuren an de Majoratioune vun den Tariffer, déi mer niewent der Indexéierung geholl hunn, informéiert ginn.

Wat de Coût dovunner betrëfft, wou dat do selbstverständlech mat sech bréngt: Déi 6,62% sinn net budgétiséiert, konnten och net budgétiséiert ginn, wat mer am Moment vrun der Assemblée générale vun der UCM am November net genau wossten, wou mer géifen higoen. Et ass awer esou, dass dat doten op alle Fall keng Belaaschtunge vum Taux de cotisation wäert bréngen, zumindest bis d'Joer 2005 mat. Dass mer also mat dësem Joer och nach en plus déi nächst zwee Joren, wat op alle Fall den Taux de cotisation vun de Prestations en nature ubelaangt, wäerte kënne relativ roueg schlofen.

Ech wëll awer drun erënneren, dass effectivement, wat den Taux vun de Cotisatiounen ubelaangt, dass déi, an de Prestations en nature, de Moment méi déif leie wéi dat 1999 de Fall war. De Moment leie mer bei 5,10%, deemools louche mer bei 5,14%. An ech menge mir wäerte wahrscheinlech europawäit dat eenzegt Land si wat et trotzdeem fäerdeg bruecht huet, den Taux de cotisation souguer kënne liicht erofzesetzen, dat awer nëmmen als kleng Parenthèse.

Wat d'Procédure ubelaangt, sou ass et evident, dass muss e Gesetz gemaach ginn. Et muss eng deelweis Ännerung vum 92er Gesetz virgeholl ginn, wat selbstverständlech awer dee Moment och nees an de Kader geet, wou jo d'Kommissioun vun der Chamber am Dezember verlaangt hat, dat heescht sämtlech Mesurë fir d'Dokteren an een eenzegt Gesetz.

Mir hoffe mat deem Avant-projet de loi Enn Mäerz, ufanks Abrëll fäerdeg ze sinn. Duerno geet dat selbstverständlech säin normalen Instanzewee. Dat heescht dass et dee Moment nom Regierungsrot an d'Chamber kënnt an dass et duerno och kann an der Kommissioun vun der Chamber diskutéiert ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Heure de questions wier domadder ofgeschloss. Fir haut de Mëtteg huet d'Fraktioun vun deene Gréngen eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Urgencen an de Lëtzebuerger Spideeler ugefrot. D'Riedezäit ass nom Artikel 78, laut dem Chamberreglement virgesinn. Et si bis elo agedroen: déi Hären Halsdorf, Di Bartolomeo, Bettendorf a Colombera. D'Wuert huet elo den Här Jean Huss als Vertrieder vun der Fraktioun vun deene Gréngen, déi dës Aktualitéitsstonn ugefrot hunn. Den Här Huss huet d'Wuert.

## 5. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG concernant la situation des services d'accueil et de soins d'urgence dans les hôpitaux luxembourgeois

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer als Gréng dës Aktualitéitsstonn hei ugefrot hunn, sou huet dat zwou Haaptursaachen.

Éischtens déi, allgemeng gesinn, ëmmer méi heefeg Kriticken a Plainten iwwer schlecht Erfahrungen an de Services d'urgence vun eise Spideeler, déi een a Gespréicher ëmmer erëm mat kritt, an déi och ëmmer méi un d'Patientevertriedung eru bruecht ginn.

An zum Zweeten awer och déi rezent Evolutioun am Dossier Kannerklinik, wou an der Diskussioun do ronderëm eng ganz Rëtsch vu Froen opkomm sinn. Froen iwwert den Accueil, iwwert d'Behandlung vun de Kanner, iwwer mangelhaft Infrastrukturen, iwwer Organisatiouns- a Personalprobleмer, iwwer laang Waardezäiten an esou virun.

An de President vun der Doktеschassociatioun huet an dësem Kontext an engem Interview souguer d'Meenung geäussert, hie kéint ugesichts vun deenen drëttweltähnlechen infrastrukturelle Mängel net verstoen, wéisou d'Patienten net scho laang op d'Barrikade gaange wieren.

Nun, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dat mannst wat ee ka soen a Saache fonctionnéiere vun de Services d'urgence, dat ass dass d'Regierung vun engem Land, dat zu deene räichste Länner vun der Welt gehéiert, et anscheinend net fäerdeg bréngt fir dëse Problem ordentlech an de Gréff ze kréien.

Souguer wa mer haut hei net prezis wëssen awéiwäit d'Evénementer ronderëm d'Kannerklinik just déi sichtbaarste Spëtzt vun deem berühmten Äisbierg duerstellen, esou ass op jidde Fall kloer, datt mer et op dësem Gebitt mat engem déiwe Malaise ze dinn hunn.

Wann ech, Här President, vun engem déiwe Malaise schwätzen, esou mengen ech domadder net nëmmen d'Plainten an d'Kritицke vun de Patienten, mä och beim Fleegepersonal gëtt et bekanntlech Kloen iwwert d'Aarbechtsbedingungen an d'Personalmängel. E Malaise gëtt et och a verschiddene Kreesser vun Dokteren a Spezialisten, déi sech engersäits iwwert d'Usprëch vun de Patienten an anerersäits iwwer Aschränkunge vun hirer Liewensqualitéit bekloen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Ursaache vun dëser onzefriddestellender Situatioun leien an enger Partie vu politesche Feeler, Fehlplanungen oder Schlampereien aus de Regierungszäite vun deene vergaangenen 20 Joer, sief et datt nettement ze spéit reagéiert ginn ass fir déi noutwenneg Erneierungen oder Erweiderunge vu Spidolsinfrastrukture virzehuelen, sief et zum Beispill och datt net genuch preventiv iwwerluecht an agéiert ginn ass fir eventuell Pénurien a gewëssenen Dokteschsparten oder fir Personalmangelprobleмer beim Fleegepersonal entgéint ze wierken.

Dës Problemer wierke sech haut aus op eis Santé an op eist Spidolswiesen insgesamt an dofir natierlech och op d'Problemer, déi an eisen Urgencen elo erkennbar ginn, woubäi ech awer direkt hei betoune wëll, datt eist Fleegepersonal an d'SAMUe gréisstendeels eng ganz gutt Aarbecht maachen an datt et bei dëser Diskussioun elo net soll drëm goen een eenzelnen Dokter aus iergendenger Klinik ze culpabiliséieren.

Dir Dammen an Dir Hären, onofhängeg vun deenen elo just zitéierte méi allgemengen Hannergrondursaachen wéilt ech awer elo méi konkret un déi aktuell Situatioun erugoen, an zwar a Form vu prezise Froen un de Gesondheetsminister an un d'Regierung.

Här Minister, mir hu viru ronn zwou Woche vun Ärem Ministère e voluminéist Dokument, eng grouss Enquête zougestallt kritt, déi sougenannte Carte sanitaire vun eisem Spidolswiesen. Hei ass dëst voluminéist Dokument. Doranner gëtt et ganz vill Tabellen, Zuelen a Statistiken iwwer all Méigleches. Ech hunn doranner allerdéngs esou gutt wéi näischt fonnt, wat d'Situatioun vun eise Services d'urgence betrëfft. Firwat gëtt et doriwwer keng Donnéeën? Gëtt et dës Donnéeën an Zuelen iwwert dëse wichtegen Aspekt vun eisem Gesondheetswiesen eventuell op enger anerer Plaz? Hutt Dir iwwerhaapt méi prezis Donnéeën iwwert dat, wat an deene verschiddene Services d'urgence ofleeft?

E puer weider Froen an deem Kontext: Wéi vill Leit kommen all Joer an déi verschidden Urgencen? Gëtt et Zuelematerial doriwwer aus wat fir Grënn déi Leit net op hiren Hausdokter oder e Spezialist am Extra-hospitalier zréckgräifen, mä gläich an d'Urgence ginn? Wéi héich ass zum Beispill de Prozentsaz vu wierklechen Urgences vitales par rapport zur Situatioun, wou Patienten direkt an d'Urgence ginn, well se soss eventuell méintelaang op e Rendez-vous beim Spezialist waarde missten? Wéi vill Leit ginn zum Beispill direkt an d'Urgencen, well samsdes, sonndes oder an der Woch no den normale Consul-

tatiounszäiten eventuell keng Generalisten oder Pédiatren ze fanne sinn, fir sech ëm si oder ëm hiert Kand ze këmmeren? Wat sidd Der gewëllt ze ënnerhuele fir dësem Aspekt vu Relatiounen tëschent Mängel am Extra-hospitalier an dem Rush an d'Urgencë vun de Spideeler op där anerer Säit entgéint ze wierken?

E puer weider Froen, Här Minister: Gëtt et eng offiziell Evaluatioun vun de Services d'urgence? Anescht-ers ausgedréckt, ass iwwerhaapt emol eng Kéier schonn eng Qualitéitskontroll do virgeholl ginn? Wa jo: Wat waren oder wat sinn dovunner d'Resultater? Ginn et iwwerhaapt Qualitéitsstandarden, sougenannte Critères de qualité an dëse Servicer? Wa jo: Wou sinn déi festgeluecht oder mécht do einfach all Spidol wat et fir richteg hält?

Wann ech mech richteg erënneren, esou huet d'Gesetz vun 1998 iwwert d'Spidolsplanung am Artikel 10 der Exekutiv, dat heescht der Regierung, de Pouvoir gi fir iwwer e Règlement grand-ducal d'Norme fir d'Fonctionnéiere vun eise Spideeler ze definéieren a festzeleeën. Bis haut hunn ech nach keen esou ee Règlement grandducal gesinn. Et sinn awer elo ëmerhi fënnef Joer an d'Land gaangen zënterhier. Wéini gedenkt Der, Här Minister, eppes an dësem Sënn ze ënnerhuelen? Wat fir Pläng huet d'Regierung fir d'Organisatioun vun de Services d'urgence insgesamt ze standardiséieren an ze verbesseren?

Ech hunn nach e puer méi Detailfroen an dësem Kontext: Wéi gedenkt Der eng besser Vue d'ensemble ze kréien iwwert d'Kloen an d'Kriticke vun de Patienten an iwwer hir méiglech Berechtegung? Wier et do zum Beispill net sënnvoll fir a gewëssen Zäitofstänn d'Visiteure vun de Services d'urgence selwer ze befroen iwwer hir Zefriddenheet oder iwwer hir Onzefriddenheet mat dem offréierten Accueil a mat der Behandlung? Misst net, Här Minister, nach méi systematesch an allen Urgencen en Tri no klore Kritären organiséiert ginn, am Intérêt vun de wierklech problemateschsten Urgencen?

Misst net eng besser Informatioun gemaach ginn iwwert d'Waardezäite bis een drukënnt an och e besseren Accueil gebuede ginn an eng besser Informatioun fir déi Leit, déi mat hire Kranken, virun allem mat hire kranke Kanner, an d'Urgence kommen a sech heiansdo relativ laang am Wartesall musse Suerge maachen? Wier et net sënnvoll an néideg, Här Minister, fir am Intérêt vum Kranken, senger Famill oder senger Begleedung endlech besser, méi modern an ugepassten Infrastrukturen an den Urgencen ze schafen a fir an deem Sënn och de Moderniséierungsprogramm vun eise Spideeler nach eng Kéier ze iwwerschaffen?

E leschte Punkt, Här Minister, bezitt sech op d'Organisatioun an op d'Transparenz vun de Services d'urgence an op de Grad vun der Kollaboratioun vun den Dokteren, wou et jo anscheinend op munche Plazen, virun allem schéngt dat zu Esch an am Norden de Fall ze sinn, Schwieregkeete gëtt, well do eng Partie Spezialisten net méi gewëllt si matzemaachen oder um Punkt ze si schénge fir net méi matzemaachen, wa se dofir keng Entschiedegung géife kréien.

Wéi, Här Minister, wëllt Der dësem Problem begéinen? Hutt Der zum Beispill an dësem Kontext scho Gespréicher gefouert mat de Spidolsdirektiounen oder mat deene Concernéierten? Besteet do eventuell en Aarbechtsgrupp, dee sech mat dëse Froe beschäftegt, oder sidd Der eventuell gewëllt esou en Aarbechts- oder Réflexiounsgrupp an d'Liewen ze ruffen?

Dir Dammen an Dir Hären, well meng Riedezäit bei dësem Exercice relativ begrenzt ass, wéilt ech just eng ganz kuerz a provisoresch Konklusioun hei zéien. Ech hu versicht just e puer vun deene wichtegste Froen am Zesummenhang mat de Problemer vun eise Services d'accueil et de soins d'urgence opzewerfen. Froen, déi an eisen Aen awer absolut néideg si fir dës Servicer am Intérêt vun de Patiente verbesseren ze kënnen. E puer vun deene wichtegsten Aspekter hu mer an enger Motioun festgehalen, déi ech Iech, Här President, elo wäert iwwerreechen. Hei ass déi Motioun.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant le malaise percé à jour suite au procès intenté contre divers médecins de l'hôpital pédiatrique du CHL;*

*- considérant les critiques formulées par un nombre considérable de patients et d'accompagnants quant à la qualité de l'accueil et des services d'urgence prestés dans les hôpitaux luxembourgeois;*

*- considérant le mécontentement souvent flagrant des médecins et du personnel soignant travaillant au sein des services d'urgence quant à leurs conditions de travail, la dotation en personnel, les infrastructures disponibles et la fréquence des services d'urgence;*

*- considérant en conséquence l'image de plus en plus négative des services d'urgence et le sentiment croissant d'insécurité auprès de l'opinion publique quant à l'accueil, la prise en charge et les soins y prestés;*

*- considérant le manque réel de données statistiques complètes et fiables tant au niveau quantitatif en ce qui concerne les services prestés, qu'au niveau qualitatif en ce qui concerne la perception et l'évaluation de ces services par les patients, les accompagnants, le personnel soignant et les médecins;*

*- considérant le manque de dispositions légales en matière de standards et de normes à satisfaire par tous les services d'urgence au Luxembourg;*

*invite le Gouvernement*

*- à procéder dans les meilleurs délais à la collection de données statistiques complètes et fiables quant aux services d'urgence prestés afin d'évaluer les besoins de la population ainsi que les capacités des services d'urgence;*

*- à procéder dans les meilleurs délais à une enquête de satisfaction auprès des patients, de leurs accompagnants, du personnel soignant et des médecins afin d'évaluer les conditions et circonstances dans lesquelles sont prestés les services d'urgence;*

*- à procéder à des évaluations quantitatives et qualitatives à intervalles réguliers afin d'adapter les services d'urgence aux besoins réels;*

*- à élaborer des standards et normes obligatoires à satisfaire par les services d'urgence concernant l'organisation interne, l'accueil des patients et de leurs accompagnants, des soins fournis, du suivi et de l'information des patients et de leurs accompagnants, des localités d'accueil et de soin, du matériel médical et du personnel;*

*- mettre sur pied un groupe de travail rassemblant toutes les parties concernées pour discuter des problèmes, manques et besoins de part et d'autre;*

*- à tirer en considération de toutes les données recueillies les conclusions qui s'imposent et de prendre les mesures nécessaires, notamment au niveau de la modernisation des hôpitaux, pour améliorer sérieusement la qualité des services d'accueil et d'urgence au sein des hôpitaux luxembourgeois.*

*(s.) Jean Huss, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Renée Wagener.*

Här Minister, ech si gespaant op d'Äntwerten op déi Froen. Ech sinn och gespaant wéi Der par rapport zu där Motioun reagéiert, well ech der Meenung sinn datt mer et hei ze dinn hu mat engem ganz wichtegen Aspekt vun eisem Gesondheetswiesen, deen am Intérêt vun alle Bedeelegte verbessert gi muss, natierlech virun allem am Intérêt vun de Patienten. De Patient soll jo eiser aller Meenung no am Mëttelpunkt stoen.

Merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer haut hei iwwert d'Urgencen an d'Polyclinique vun de Lëtzebuerger Spideeler schwätzen, dann ass dat sécherlech net einfach eng niewesächlech Diskussioun, well stellt lech vir - ech weess net, ob Der dat wësst -, a Lëtzebuerg sinn am Joer 2002 méi wéi 530.000 Patienten duerch déi Lëtzebuerger Hôpitaux généraux gaangen, wat beweist wéi wichteg et ass, dass een an deem dote Beräich organisatoresch a konzeptuell gutt virgeet. Dat beweist awer och, dass dat statistesch en Incident, wéi en elo an der Kannerklinik geschitt ass, och relativéiert, obschonn een hei muss feststellen, datt et engem natierlech Leed deet, wann ee gesäit dass e jonkt Mënscheliewe leider ewechfält. Et ass kloer, dass een hei aus der Erfahrung léiere muss.

Déi Erfahrungswäerter, déi mer hunn, sinn typesch fir Lëtzebuerg. Wa fréier d'Polyclinique éischter vläicht vun engem Dokter en passant gemaach ginn ass - loosse mer emol esou soen - an an enger Zäit duerno vläicht d'Medeziner ganz oft hir éischt Erfahrungen a vill Erfahrungen an deem Beräich gesammelt hunn, esou gi mer haut an eng aner Logik eran. Ech menge ganz vill Spideeler ginn an d'Richtung vun engem sougenannte Médecin urgentiste mat engem qualifizéierte Fleegepersonal, zum Beispill enger Formatioun Infirmière anesthésiste. Dat ass e gudden Ufank. Et soll dann e gudden Triage gemaach ginn, dat ass immens wichteg an enger Urgence an enger Polyclinique, an et muss een den Degré d'urgence, dee besteet, kucken.

Kloer ass et och, dass een tëschent deene Leit ënnerscheede muss déi wierklech geplangt sinn an deenen déi net geplangt sinn an enger Polyclinique, respektiv an enger Urgence. Et sinn déi eenzel Spideeler, déi déi Elementer lues a lues a gutt an de Grëff kréien, sou datt ech mengen dass hei zu Lëtzebuerg dat Konzept, wat elo an den eenzelnen Haiser amgaangen ass ausgeschafft ze ginn, der Lëtzebuerger Realitéit entsprécht. D'Délais d'attente ginn tatsächlech, wann een Urgentisten astellt, zréck, d'Qualitéit vun der Prise en charge gëtt besser an de Patient als solche gëtt méi zefridden.

De Médecin urgentiste soll natierlech dem Spidol ugehaange sinn, dat heescht hie soll deem attachéiert sinn. A wat natierlech ganz wichteg ass an esou enger Problematik, dat ass den technesch-medezinesche Plateau deen do ass. Ech géif mengen an de leschte Jorzéngte wieren déi eenzel Spideeler do an déi richteg Richtung gaangen.

Wat awer elo déi ganz Problematik ugeet mat deem Accident, dee mer an der Kannerklinik haten, erlaabt mer do, dass ech am Fong geholl nach eng Kéier de Patient als solchen hei zu Lëtzebuerg resituéieren, well mam Gesetz vum 28. August 1998 huet de Patient gesetzlech Rechter kritt an hie gëtt sech vläicht duerch dës Schlagzeilen, dësen Accident méi bewosst, wou seng Méiglechkeete sinn.

Ech hoffen an ech wënsche mer, dass mer net an eng amerikanesch Logik ofrutsche wäerten, dass déi medezinesch Akten alleguerten als maximalistesch verstane ginn, dat besonnesch am medizineschen an am technesche Beräich, well dat géifen och maximal Belaaschtungen heesche fir eis UCM, wat natierlech op d'Käschteschrauf vun dësem Secteur drécke géif.

Dofir ass et wichteg, dass een d'Uwuesse vu medezineschen Akte versicht an de Grëff ze kréien, well et ass schwéier hei generell Regelen ze maache wat d'Krankheeten ugeet an och d'Accidenter, well all Mënsch an all Krankheet ass anescht. Et ass eng individuell Approche déi do gefrot ass.

Et geet wahrscheinlech an Zukunft esou, dass eenzel Medeziner sech wëllen optimal medezinesch ofsécheren, net nëmmen duerch eng Assurance déi se maachen, mä wahrscheinlech och bei der Diagnostik duerch eng Multiplizéierung vun de medezinesch technesche Akten. Et ass wichteg festzestellen, dass mer hei zu Lëtzebuerg aus enger Obligation de moyen, géif ech soen, an eng Obligation de résultat erakommen. Wa bis dato den Dokter ugesicht konnt ginn, well e vläicht net schnell genuch op der Plaz war, wär et mat dësem Uerteel - wou mer mussen ofwaarde wat genau derbäi eraus kënnt, well et ass Appel ageluecht ginn - esou, dass de Medeziner misst justifiéieren, dass en all déi disponibel Mëttele benotzt huet fir e Resultat ze kréien, dass e sech also optimal beholl huet. Dat ass net einfach. Besonnesch bei Kannerdiagnose wäert et an Zukunft esou sinn, dass Medeziner mat Erfahrung mussen, besonnesch nuets, agesat ginn, fir Diagnosen ze maachen.

Dësen Aspekt wollt ech ervirsträichen, fir ze weisen dass mer och zu Lëtzebuerg eng Dynamik hunn an dësem Secteur an deene leschte Joren, dass ëmmer erëm nei Elementer derbäi kommen. Déi Dynamik cumuléiert dëst Joer doran, dass mer am Fong geholl den Artikel 51 vum Gesetz vum 28. August 1998 ëmsetzen, deen d'Exploitatioun vun de Spideeler festleet. Dëst muss bis den 1.Oktober 2003 geschéien. Do spillt déi Carte sanitaire, déi den Här Huss elo hei an d'Luucht gehalen huet, eng wichteg Roll bei deem Punkt wéi eng Servicer a wéi engen Haiser solle gemaach ginn, besonnesch déi berühmt Services spécialisés.

Et ass esou, dass hei déi quantitativ Elementer ganz vill spillen, dat heescht d'Zuel vun de Patienten déi behandelt ginn, mä déi qualitativ Elementer, Här Minister, do wär ech frou wann Dir déi och géift considéréieren. Ech wënsche mer och, dass déi Zäit, déi déi eenzel Spideler hunn - dat ass elo bis den 1. Juni - fir déi Formulairen ze preparéieren, optimal ka genotzt gi fir gutt Dossieren ze maachen, déi der Lëtzebuerger medezinescher Realitéit entspriechen.

Erlaabt mer dass ech hoffen, dass d'Kaarte kloer an zu gläichen Deeler verdeelt ginn. Ech géif wënschen, dass d'Spideeler alleguerten d'selwecht behandelt ginn, ob se de SAMU hunn oder net. Ech mengen aus deem rezente Fall aus der Kannerklinik sollte mer léieren, dass d'Interesse vun deem Eenzelne musse considéréiert ginn, well mer brauchen an dësem Secteur besonnesch motivéiert Leit. Ganz wichteg ass dësen Aspekt, an ech géif mengen dat wär eng conditio sine qua non fir gutt an héichmedezinesch Leeschtungen ze bréngen.

Et bleift also nach munches ze doen, awer ech menge mer kéinten et packen.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ugefaange mat enger Evidenz: Eis Gesondheet ass dat Wichtegst wat mer hunn, an dofir huet se kee Präis oder besser, mer mussen dee Präis dofir bezuelen, dee se kascht.

Deen, dee bei der Gesondheet op der falscher Plaz spuert, läit net nëmme falsch, mä ass geféierlech. Dofir hu mer eis vun Ufank u géint Ofbau, Konzentratioun ëm all Präis a Gesondheetspolitik mat dem Recheschieber gewiert. Et ass traureg, dass dee klenge Bouf an der Kannerklinik huet misse stierwen, dass et zu deem staark mediatiséierte Prozess komm ass, fir dass mer eis elo op eemol déi richteg Froe stellen. Wat fir eng Gesondheetspolitik wëlle mer? Wéi performant medezinesch Servicer wëlle mer? Wéi sollen eis Urgencen organiséiert ginn? Wat fir ee Präis si mer gewëllt dofir ze bezuelen?

Ech wäert mech net mat deem Prozess ausenanersetzen, deen an deene leschte Wochen a Méint fir genuch Diskussiounsstoff gesuergt huet. Ech beschränke mech domat dem Dokter Nic Hoffmann a sengem ausgezeechnete Bäitrag de Moien am Tageblatt 100%eg Recht ze ginn.

***(M. Jean Asselborn prend la Présidence)***

Zu der Kannerklinik dat hei gesot: Mir sinn eis alleguer eens an dësem Haus, dass et urgent ass fir d'Kannerklinik ze moderniséieren, fir d'Infrastrukturen auszebauen, mä dat ass sécherlech net deen eenzege Problem. Déi Urgence gëtt ëmsou méi grouss wat den Ausbau an d'Moderniséierung vun der Kannerklinik ugeet, wa mer bedenken dass eng Rei vu gudde Pédiatrien aus Käschtegrënn, a just aus Käschtegrënn, hu missen zougemaach ginn.

De Problem vun den Urgencen, deen an deene leschte Méint diskutéiert ginn ass, ass och nëmmen an eisen Aen d'Spëtzt vum Äisbierg. A wa mer Urgence schwätzen, da solle mer wann ech glift net nëmmen Urgence schwätzen an eise Spideeler, mä mer sollen iwwer eise ganze System vun den Urgencë schwätzen, an zwar wat d'Netz vun de Generalisten a Spezialisten ugeet, de System vun den Ambulanzen, de SAMU. Dann hannendru selbstverständlech och d'Urgencen an den normalen Zäiten an ausserhalb den normalen Aarbechtszäiten an de Spideeler, a virun allem och d'Urgence fir déi Patienten net vergiessen, déi schonn an de Spideeler leien.

An deene leschte Wochen a Méint hu mer eis fokaliséiert op Mängel. Mir hunn op extrem laang Waardezäiten higewisen. Mir hunn op de Problem vun der Selektioun, vum Choix vun de Patienten opmierksam gemaach, an et ass drop higewise ginn dass net nëmmen déi Problematik an der Kannerklinik besteet, mä op ganz villen anere Plazen.

An de Problem geet, an ech ënnersträichen dat nach eng Kéier, ganz ënnen un. E geet do u wou mer dermat konfrontéiert sinn, dass mer an eenzelne Regioune vun eisem Land mat engem ganz konkrete Mangel u Generaliste konfrontéiert sinn. Et geet domat un, dass mer an eenzelne Regioune vun eisem Land mat engem ganz konkrete Manktum, deen ëmmer méi grouss gëtt, vu Pédiatre konfrontéiert sinn. A wa mer Pédiatre schwätzen, dann ass et an eenzelne Regiounen nëmmen dem extremen Dévouement vun eenzelnen Dokteren ze verdanken, dass mer iwwerhaapt nach iwwert d'Ronne kommen. Et gëtt Gemengen, do si Pédiatrë 24 Stonnen op 24, siwen Deeg op siwe bereet. Stellt Iech just vir, wann déi eng Kéier just no Vorschrift funktionéieren, wat et

dann zu engem Ustuerm op d'Urgencen an eise Klinike kënnt.

Mir kënnen haut net méi eeschthaft virun enger Dokteschschwämm warnen, wa vill vun den Dokteren um Terrain 60 bis 70 Stonnen drumme mussen, fir dass de System nach funktionéiert. Däerfe mer eis iwwer laang Waardezäiten opreegen, wa mer zouloossen dass aus Käschtegrënn Pédiatrien zougemaach ginn? Firwat kommen ëmmer méi Leit, an dat huet de Jean Huss och schonn ënnerstrach, mat net onbedingt evidenten Urgencen an d'Urgencen eran? Ma well d'Waardezäiten ëmmer méi laang sinn.

D'Zentraliséierung, déi mer préconiséieren, féiert dozou, dass mer iergend eng Kéier beim Triichterprinzip landen. Et kënnt méi uewen eran, wéi ënnen erausgeet, a mer packen et nëmmen dann, wa mer déi Zentren, wou alles zesumme leeft, och a ganz grousser Urgence ausbauen.

D'zentral Fro, déi sech bei dësem Problem an och bei anere Problemer stellt, ass ënner anerem déi, déi virdru vu menge Virriedner opgeworf ginn ass, vun den Normen, wou mer op d'Exekutiounsbestëmmunge waarden, dann déi Fro vun der Dotation minimale en personnel, wou mer och op d'Ausféierungsbestëmmunge waarden.

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, Dir hutt Är fënnef Minutten iwwerschratt. Maacht lech wann ech glift fäerdeg.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Jo, Här Asselborn, ech wäert dat maachen, grad wéi mäi Virriedner.

Da fir méi positiv Noten ze kréien: Wa mer wëllen eis Servicer reorganiséieren, gëtt et eng Rei vu Beispiller wou mer eis kënnen drun orientéieren. Zum Beispill de Service de garde vun de Generalisten, dee mer frësch opgebaut hunn a wou mer déi Meenung net deelen, dass dat net e gudde Service ass. Do kënne mer eis et iwwerleeën, ob mer op deeselwechte Wee an eise Klinike ginn. Et dierft kee Problem stelle bei salariéierte Medezineren, wa mer där salariéiert Medeziner an eenzelne Klinike genuch hunn, mä bei der Médecine à l'acte musse mer kënnen iwwer Forfait fueren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann zur Konklusioun. Well ech mengen, dass mer haut net kënnen ausféierlech iwwert dëst wichtegt Thema schwätzen, géif ech suggéréieren, dass mer et ähnlech maache wéi an anere Beräicher, dass mer eis Zäit gi fir d'Leit vum Terrain, fir d'Patienten ze héieren, fir vun hinne gewuer ze gi wou de Schung dréckt a wat se bereet sinn ze maachen, fir dass eis Servicer optimal kënne funktionéieren. Besonnesch an dësem Beräich ass eng Stärken-Schwächenanalys vun Nout.

Besonnesch an dësem Beräich ass et noutwendeg, dass mer déi Ausféierungsbestëmmungen, op déi mer nach waarden, an enger Rekordzäit kënne virleeën.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Di Bartolomeo. Den nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf. Et ass jo kloer, datt jidderee fënnef Minutten huet?

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Mir hunn dat festgestallt, Här President.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Aktualitéitsdebatt iwwert den Accueil an de Services d'urgence an de Lëtzebuerger Spideeler steet, a mir hunn et elo schonn héieren, och ënnert dem Zeeche vum Prozess géint déi zwee Dokteren aus der Kannerklinik, wouvun een an éischter Instanz veruerteelt gouf. D'Uerteelsbegrënnung läit haut, bal dräi Wochen no dem Riichtersproch nach net vir. Mä och ouni den Enoncé détaillé du verdict gouf d'Uerteel an der Öffentlechkeet schonns hefteg kommentéiert. An der Uerteelsbegrënnung, déi wéi gesot nach net virläit, mussen d'Riichter awer Froe beäntwerte wéi déi, ob et sech ëm eng Faute médicale oder einfach eng Erreur de jugement bei den Dokteren handelt, ob vun hinnen eng Obligation de résultat verlaangt gëtt oder wéi bis elo üblech just eng Obligation de moyen, ob d'Organisatioun, d'Aaarbechtsbedéngungen, respektiv d'Infrastrukturen an der Kannerklinik, deemools viru méi wéi siwe Joer, mat responsabel ware fir den dramateschen Doud vum klenge Mike, oder war et net einfach d'Krankheet vun dem jonke Patient déi responsabel war.

Ech géif et besser fannen ze waarden op den Exposé des motifs vun dem Uerteel, fir dann en connaissance de cause ze reagéieren, respektiv Schlussfolgerungen aus dëser traureger Affär ze zéien.

Här President, den Thema vun haut ass iwwerschriwwwen „Acceuil en service d'urgence an de Lëtzebuerger Spideeler en général". Ech géif gären dozou véier Bemierkunge maachen. Wann e modernt Spidol nach ëmmer zoustänneg war fir d'Prise en charge vun den Noutfäll, déi vun Hausdokteren, respektiv mat der Ambulanz geschéckt goufen, esou verlagert sech an deene leschte Joren ëmmer méi hir Verantwortung och op déi ambulatoresch Versuergung vun der Bevölkerung. Dat heescht, de Patient geet net méi automatesch bei säin Dokter an d'Praxis, mä e préféréiert oft den direkte Wee an d'Spidol. D'Spidol ass ebe 24 Stonnen op 24 Stonnen op, verfügt dobäi nach ëm e Plateau médico-technique, alles Avantagen déi den Dokter a senger Praxis net kann ubidden. Dës Tendenz, déi och an eisen Nopeschlänner besteet, bréngt et mat sech datt eis Kliniken a Spideeler oft iwwerfuerdert si par rapport zur Demande, virun allem an Epidemieszäiten am Wanter.

Zweete Punkt: Déi Haaptkritik bei de Leit bezitt sech op déi laang Waardezäiten, wa se an der Urgence sinn. Et gëtt kaum behaapt d'medezinesch Betreiung am Kader vum Noutdéngscht wier schlecht. Contestéiert gëtt dat ze laangt Waarden. An hei muss ee sech awer d'Fro stelle wat dem Patient vun haut u Waardezäit zouzemudden ass? Ass dat eng hallef Stonn oder eng ganz Stonn, oder awer zwou oder dräi Stonnen? D'Realitéit ass, datt all Patient mat enger seriöser Pathologie an all Spidol virgeholl gëtt, datt awer déi aner, bei deenen d'Problemer manner akut sinn, musse waarden an och meeschtens akzeptéieren, datt Prioritéite gestallt ginn. Et geet net anescht wéi datt en Tri gemaach gëtt. Am ideale Fall gëtt dat duerch e Médecin trieur, respektiv eng spezialiséiert Infirmière gemaach, déi de Moment oft net zur Verfügung steet.

An Här President, och an der Zukunft wäert fir de Patient de ganz bestëmmten, eegene klenge Bobbo, den Zipperlein, virgoe vis à vis vum dem Häerzinfarkt vu sengem Noper. Dat ass eben esou. Et ass mënschlech.

En drëtte Problem bezitt sech op de Rekrutement vun Dokteren, notamment a verschiddene Spezialitéiten, déi och besonnesch vun den Urgencë concernéiert sinn, wéi d'Kannerdokteren, d'Gynekologen, d'Psychiateren an d'Anesthesisten. Et gesäit zum Beispill esou aus, datt mer an Zukunft net méi genuch Kannerdoktere wäerten hu fir an deenen dräi Régions sanitaires eng Permanence pédiatrique vu 24 Stonne kënnen ze garantéieren. Hei muss eng Zentralisatioun vum Service d'urgence pédiatrique op nationalem Niveau, am beschte mat der Kollaboratioun vun alle konzernéierte Generalisten a Kannerdokteren, diskutéiert ginn.

An zum Schluss als véierte Punkt weisen ech och nach op d'Problemer a puncto Spidolsinfrastrukturen hin. Mir hunn zu Lëtzebuerg effektiv e groussen Nachholbedarf, mä ech mengen et kann een eisem Gesondheetsminister, dem Carlo Wagner, net ofstreiden, datt en an deene leschte Jore vill Efforte gemaach huet an dësem Beräich, niewent deenen zwee neie Spideeler, déi dëst Joer opmaachen, um Kierchbierg an zu Ettelbréck. Dat neit Finanzéierungsgesetz vun de Spidolsinfrastrukturen, wat an deenen nächste Wochen hei am Plenum zum Vote kënnt, weist op d'Volontéit vun dëser Regierung hin, och an dësem Beräich Neel mat Käpp ze maachen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Bettendorf. Den nächste Riedner ass den Här Jean Colombera. Dat ass dee leschten ageschriwwene Riedner.

M. Jean Colombera *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Huss huet hei e ganz akute Problem ugeschwat, dee ganz interessant ass fir méi déif ze kucken. Mä leider mat fënnef Minutte kann een net déi ganz Problematik hei definéieren.

Dee Problem besteet zënter Joren a Joren, an ech mengen d'Wuerzel vum Iwwel besteet doranner, datt de Beruff vum Generalist lues a lues ëmmer méi dévaloriséiert ginn ass. Fréier - wat heescht fréier, virun 30 Joer -, do konnt de Generalist nach verschidden Akte maachen. Hien däerf se och haut maachen, mä e mécht se net méi. Zum Beispill d'Fraen entbannen um Land, Souturë maachen, Verbänn uleeën. Dat heescht, de Patient ass ëmmer bei de Generalist gaangen. An du lues a lues ass d'Spezialisatioun ëmmer méi opkomm. D'Urologe si komm, d'Gastroentérologuen, d'Neurologen an ëmmer méi, esou datt de Patient dann éischter geduecht huet, wann ech de Kapp wéi hunn, da ginn ech bei den Neurolog, wann ech den Darm wéi hunn, da ginn ech bei de Gastroentérologue, wann ech d'Blos entzünnt hunn, da ginn ech bei den Urolog, a lues a lues ass esou de Generalist ëmmer méi praktesch zu engem administrativen Dokter ginn, an deem Sënn datt en haaptsächlech da Massagen opgeschriwwen huet, an deem Sënn datt en d'Krankeschäiner opgeschriwwen huet, an deem Sënn datt en all Mount Medikamenter opgeschriwwen huet, déi de Spezialist virgeschriwwen huet.

An deementspriechend ass, wéi gesot, d'Valeur vum Médecin généraliste, vum Hausdokter ëmmer méi verluer gaangen. An esou gesäit een och haut datt Leit, déi eppes hunn, net bei de Generalist ginn, mä direkt an d'Spidol, do wou d'Spezialisten ugesidelt sinn. An déi Spezialisten hunn niewent hirer eegener Praxis, wa se dann Déngscht hunn, och nach déi aner Leit am Supplément ze betreien, esou datt ee sech net ze wonnere brauch wann dann an enger Urgence oder an enger Polyclinique, wéi een dat och seet, do 150 bis 200 Leit vläicht pro Dag gesi ginn, an do ass jo den Haaptproblem dann, datt den Dokter muss ganz schnell schaffen am Minuttentakt, an do passéieren dann déi genannte Fehler.

An haaptsächlech nuets kommen och Leit dohinner, déi näischt do verluer hunn, well se am Laf vum Dag, amplaz bei den Dokter dräi Stonne waarden ze goen, soe se sech, okay, ech waarde bis zéng Auer nuets an da ginn ech fir mäi Fanger oder fir mäin Houscht an d'Polyclinique an ech loosse mech do behandelen.



Ech mengen, dat ass ee vun den Haaptiwwelen dee mer hei rencontréieren, a mir mussen alles maachen an där Hisiicht datt de Médecin généraliste, den Hausdokter erëm dee Wäert kritt, deen en normalerweis misst hunn.

Ech hat den Här Minister de 24. November 1999 schonns eng Kéier ugeschwat iwwert dëse Problem vum Noutdéngscht an en huet mer geäntwert, dat wär eleng d'Kompetenz vun de Spideeler. D'Spideeler eleng missten décidéiere wat am Noutdéngscht gemaach gëtt. A wa keng Dokteren do sinn oder net vill Dokteren do sinn an d'Aarbecht ass ze vill, da muss ee kucken datt deen een oder deen aneren Dokter méi do schafft. Am anere Fall misst ee sech awer d'Recht virbehale fir mëttels engem Rondschreiwen oder enger Verschäerfung vun der Reglementéierung do anzegräifen.

Ech mengen, Här Minister, elo wier et vläicht Zäit, net well elo dat Gerichtsuerteel do virläit, mä iergendwéi well de Malaise awer trotzdeem ëmmer méi grouss gëtt, fir de Beruff vum Generalist ze revaloriséieren. Ech géif da virschloen, wéi a verschiddene Länner wéi a Frankräich, fir d'éischt am Spidol e Generalist ze hunn, deen e gewëssenen Tri mécht.

D'Leit kommen dohinner, de Generalist entscheet, et ass eng Urgence, et ass keng Urgence, ech kann et selwer maachen, ech kann Iech e Verband uleeën, ech kann en ECG maachen, an dee Moment kann de Patient dann heemgoen. Wann hien natierlech net eens gëtt, da kann hien de gewëssenen Internist ruffen, den Internist fir d'Blos, den Internist vum Daarm, den Internist vum Kapp, an da kann dee kucken ob de Patient muss am Spidol bleiwen oder net. A wann et eng extra Urgence ass, wéi zum Beispill en Häerzinfarkt oder een deen e Bee gebrach huet, da kann hien dee Moment de Chirurg mat abezéien.

Ech mengen, Dir Dammen an Dir Hären, dat schéngt mer de Schlëssel ze sinn, well och hautdësdags gesäit een datt d'Chirurgen, d'Internisten net méi bereet si fir 180 Clientë pro Dag ze huelen, si gi midd. Hei si verschidde Kliniken am Land, déi schonn ugebueden hu fir d'Generaliste mat anzebezéien, zwar nëmmen nuets vun aacht Auer owes bis aacht Auer mueres. Ech mengen awer dat misst flächendeckend och während dem ganzen Dag gewährleistet ginn.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Colombera. D'Wuert huet dann de Minister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorabelen Här Huss huet d'éinescht schonn op deen Héritage vu Joren a Joren drop higewise wou et heescht ze bewältegen. Domat eleng geet et awer net duer - an dat gestinn ech an -, et muss een zouginn dass effectivement villes an deem doten Domän ze maachen ass.

Et wär awer elo falsch engem, duerch en eenzegt Uerteel, wat e Cas isolé ass, wat ech géif nennen „iwwerdriwwenen Alarmissem" ze verfalen. Ech mengen dat wier op alle Fall falsch. Ass et dach esou, dass a munche Spideeler hei am Land trotzdeem - loosse mer dat och emol eng Kéier öffentlech soen - déi Services d'urgence ganz ganz gutt fonctionnéieren. Et gëtt sech natierlech ëmmer nees op déi sougenannte Kannerklinik baséiert. Ech mengen awer et wier falsch sech dorobber ze focaliséieren.

Zweetens sinn ech der Meenung, dass een net alles däerf an een Dëppe geheien. Hei gëtt ëmmer iwwer Urgencë geschwat. Mä, Här President, ech mengen da musse mer emol definéieren, wat mer alleguer ënner Urgence verstinn. Dat wat regelrecht Urgencë sinn, dat heescht vital Urgencen, déi komme mam SAMU an d'Clinique de garde eran, an ech géif awer do gäre behaapten dass mer, wat de SAMU ubelaangt, wahrscheinlech europawäit ee vun deene performantste Services médicaux hunn. Wat déi aner…

***(Interruption)***

Dir hutt dat ugesträift, dat ass ganz richteg Här Huss.

Op där anerer Säit, wat déi sougenannten Urgencen an de Policliniquen ugeet - den Här Halsdorf huet d'éinescht e Chiffer genannt wou e bësselche verschidden ass vun deem wou ech héieren hunn, jee am Joer 2000 wären esou 626.000 Admissioune an eise Policliniquë gewiescht an et ass och do, Här Huss, an der Carte sanitaire, wou Dir dee Moment d'Donnéeë fannt, wou der d'éinescht ugeschwat hutt.

Ech muss soen…

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Dat sinn awer keng richteg Urgencen!

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Mä justement, ech kommen och dorobber, Här Huss, datt ass den absolut grousse Problem. Deene Statistiken no, wou mer hunn, kann ee soen dass ënnert deene Leit, wou an d'Policliniquë kommen, effectivement 10 bis 15% ganz seriö Fäll sinn, dass ongeféier 15 bis 20% eng Hospitalisatioun mat sech bréngen, an dass déi aner Fäll awer beileiwen net an d'Kategorie Urgencen eran ze setze sinn, woubäi ee souguer muss dovun ausgoen, dass souguer 10 bis 20% dovunner dee Moment abusiv Visitë sinn.

An ech mengen dat ass dat, wat d'éinescht och schonn hei ugeschwat ginn ass, an net nëmmen d'Zuel vun deene Leit, déi direkt an d'Spideeler gi fir behandelt ze ginn, amplaz bei ganz ville Fäll direkt bei de Generalist ze goen. Vill Leit maachen dat hautdësdags aus enger sougenannter, wéi soll ech soen, Bequemlechkeet, well se menge si géifen do vill méi schnell bäikommen. Vläicht awer och, well se menge si géife besser do zerwéiert ginn, well jo bekanntlech déi Spideeler iwwer e ganze Plateau médico-technique verfügen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Wat d'Reklamatiounen ubelaangt. D'Patientevertriedung wäert selbstverständlech en Deel Reklamatiounen erakritt hunn; dees sinn ech iwwerzeecht. Ech muss awer soen, déi Reklamatiounen, wou mir am Ministère de la Santé kritt hunn, sinn onwahrscheinlech rar. Sou hu mer an deene leschten dräi Joer, dat heescht 2000 bis 2002, am Ganzen 32 Reklamatioune kritt, wouvunner der nëmmen zéng d'Urgencë betreffen.

Ech wëll domadder soen, dass trotzdeem hei an deem Land effectivement munches a puncto Infrastrukturen an a puncto Personal am Service d'accueil et d'urgence besser ze maachen ass, dass mer awer net sollen, wéi gesot, der Tentatioun verfale fir ze iwwerdreiwen an alles méi schlecht ze mole wéi et ass.

Et muss een och soen, dass mer jo awer amgaang sinn eng ganz Rei Redressementer ze maachen. Ech wëll un alleguerten déi Infrastrukturen erënneren, déi amgaange sinn ze kommen a wou deenen dote Facteuren, Service d'accueil, Service d'urgence, Rechnung gedroe ginn ass. Ech wëll beispillsweis un Ettelbréck erënneren, wou am Oktober opmécht, ech wëll och un de François Elisabeth erënneren wou de 4. Juli opmécht, ech wëll och beispillsweis un den HVEA zu Esch erënneren, ouni selbstverständlech d'Pédiatrie vun dem CHL ze vergiessen.

An der Pédiatrie ass et jo esou, dass an der Loi de financement vun 1999 ganzer 300 Milliioune Frang virgesi waren, fir d'Pédiatrie an d'Mise en sécurité vun der Maternité. An ech menge mir sinn all averstanen, dass een domat beileiwen net vill ka verbesseren. Doduerch hu mer an der neier Loi de financement 45 Milliounen Euro virgesinn, wat eis dee Moment erlaabt e ganz, ganz seriöe Projet ze maachen.

Et kann ee mer roueg d'Fro stellen, firwat huet dat dann elo dräi Joer gedauert bis mer esou wäit ware fir déi Pédiatrie effectivement ze erneieren. Dat kënnt eben doduerch, well virdrun, virun 1999, absolut näischt geplangt war. Et louch absolut kee Projet vir a mir hunn op där anerer Säit - dat weess och jiddfereen - um Terrain vum CHL e gewëssene Raummangel, et muss also ganz rationell geschafft a projezéiert ginn, fir dass mer do alles ënnerdag kréien. A vun Ufank u war awer eis grouss Ambitioun fir net nëmmen d'Kannerklinik nei ze maachen, mä fir duerno och no der Mise en sécurité vun der Maternité, déi nei Maternité ze bauen an déi zwou Saache kënnen als Centre mère-enfant ze verbannen.

D'Saache sinn also ënnerwee a jiddferee weess och, dass dat grousst Stolegerüst, wat bei der Kannerklinik steet, e sougenannte provisoresche Bau ass fir d'Kannerklinik ze ersetzen, déi Zäit wou do gebaut gëtt. A schonn eleng mat deenen Installatioune wou mer do hunn a wou wäerten am Hierscht opgoen, sinn d'Conditions de travail scho bäi wäitem besser, wat d'Infrastrukturen ubelaangt. Et ka vill méi rationell dee Moment do geschafft ginn. Well mir wëssen och, souguer wann een zéng Leit huet an et bräicht een der nëmmen aacht, déi zéng déi hënnere sech méi wann effektiv d'Surface ze vill enk ass. Hei kann also vill méi rationell geschafft ginn.

D'éinescht huet den honorabelen Här Halsdorf iwwer sougenannten Urgentiste geschwat. Et stëmmt effectivement dass där Tester gemaach ginn, mä et ass awer och esou gewiescht dass déi Tester net ganz concluant waren, dass een do op alle Fall net vill, wat d'Zäit ubelaangt, ka gewannen. An et ass jo effectivement dee Moment esou, dass déi meescht Leit reklaméiere wéinst den Temps-d'attenten, woubäi een effectivement muss, an dat huet den Här Bettendorf richteg gesot, definéiere wat als Waardezäit fir d'Leit akzeptabel ass a wat net.

Den Här Huss hat nach d'Carte sanitaire ugeschwat an ech hunn lech dorobber scho geäntwert. Wat d'Evaluatioun vun de Services d'urgence ass, sou ass dat relativ schwéier, Här Huss, wéi ech d'éinescht gesot hunn, well et schwéier ass effectivement den Tri ze maachen tëschent deenen engen an deenen aneren Urgencen an deene wat net Urgencë sinn.

Wat d'Critères de qualité ubelaangt, där hu mer bestoen, an et ass och esou dass d'UCM souguer déi récompenséiert, wou deene Critères de qualité nokommen.

Et ass finalement do och geschwat gi vun den Normen, den Normen an de Services d'accueil et d'urgence, déi am Reglement vun 1979 enthale sinn. Mam Reglement zum Gesetz vun 1976, do muss ech awer soen, hu mer net gewaart bis haut, Här Huss.

Mir sinn elo schonn amgaang un enger Revisioun vun deem Reglement ze schaffen, an zwar dass mer kucke fir dee Moment och Normes minimales anzesetzen, souwuel wat d'Raimlechkeeten ubelaangt wéi och wat d'Personal ubelaangt. Mir kënnen awer nëmmen Normes minimales asetzen, well mer wëssen dass d'Besoinen u Personnel duerch d'Aktivitéite bestëmmt ginn. Ech sinn op alle Fall iwwerzeegt, dass, wa mer déi dote Saachen alleguerte realiséiert hunn, mer et dann hei zu Lëtzebuerg wäerte fäerdeg brénge fir de Patienten e seriöen, effikasse Service d'accueil et d'urgence offréieren ze kënnen.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Kolleegen, ier mer weiderfuere mam nächste Punkt hu mer nach eng Motioun, déi agereecht ginn ass duerch den Här Huss. Déi Motioun ass ausgedeelt ginn, et huet jiddferee se viru sech leien. Ech menge mir kéinten dann direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Ass e Vote électronique verlaangt?

***(Assentiment)***

***Motion 1***

Mir stëmmen dann of iwwert déi Motioun, déi den Här Huss abruecht huet.

***Vote***

Déijéineg déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 33 Nee-, 22 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wiseler (par M. Norbert Haupert);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Emile Calmes), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*S'est abstenue: Mme Mady Delvaux-Stehres.*

Elo komme mer zum nächste Punkt, dat ass de Projet de loi 4968, d'Wiener Konventioun iwwert d'Vertragsrecht. Et si schonn agedroen: déi Häre Fayot a Rippinger. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Laurent Mosar.

## 6. 4968 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Vienne sur le droit des traités, signée à Vienne, le 23 mai 1969 et de son Annexe

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense***

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Projet huet als Objet d'Konventioun vu Wien iwwert d'Recht vun den Traitéen, déi den 23. Mee 1969 ënnerschriwwe ginn ass, ze approuvéieren.

Laut dem Artikel 37 vun eiser Verfassung muss all Traité duerch e Gesetz approuvéiert an duerno publizéiert ginn. De 4. September 1969 huet eist Land dës Konventioun ënnerschriwwen, déi de 27. Januar 1980 a Kraaft getratt ass. Et huet also 23 Joer gedauert ier d'Chamber mat engem Projet de loi befaasst ginn ass.

Ech kommen dann och net derlaanscht meng prinzipiell Kritik un d'Adress vun deene jeeweilege Regierungen a ganz besonnesch un déi sukzessiv Ausseministeren ze riichten, wat d'Prozedur vun der Ratifikatioun vun internationale Konventioune betrëfft. Och wann dës Konventioun sech applizéiert ouni ausdrécklech vun deene verschiddene Länner ratifizéiert ginn ze sinn, esou kann et dach net sinn, dass et méi wéi 20 Joer dauert ier dës Chamber mat engem Projet de loi saiséiert gëtt. Dëst ëmsou méi wou dëse Projet weder um Fong nach um Niveau vun der Prozedur gréisser Schwieregkeete bereet.

Ëm wat geet et elo genau an dëser Konventioun? Et geet eigentlech drëm, dass déi verschidden Norme vum internationale Recht kodifizéiert gi fir d'Rechtssécherheet ze garantéieren.

Déi ëmmer méi grouss Plaz, déi d'Traitéen am internationale Recht anhuelen, huet et noutwenneg gemaach allgemeng gülteg Regelen auszeschaffen, déi sech op all Traité zwëschent de Staten applizéieren an déi sech op där anerer Säit op d'Traitéë bezéien, déi zwëschent de Staten an den internationalen Organisatiounen ofgeschloss ginn.

Dës Aarbecht huet sukzessiv zu zwou internationale Konventioune gefouert. Dat éischt ass déi Konventioun vun 1969, déi mer duerch dëse Projet de loi approuvéieren, an dat anert ass d'Konventioun iwwert den Droit des traités zwëschent de Staten an den internationalen Organisatiounen oder zwëschent den internationalen Organisatiounen, déi op der Konferenz zu Wien den 21. Mäerz 1986 adoptéiert ginn ass.

Wat fir en Objektiv gëtt mat dëser Codificatioun verfollegt? Éischtens geet et hei drëm fir all international Normen ze confirméieren, mä op där anerer Säit awer och nei Normen ze kreéieren. An deem Sënn ass dann och déi Notioun vu Codificatioun vum internationale Recht net an engem statesche Sënn ze verstoen, mä an engem dynameschen, deen de Motor vun der Entwécklung vum internationale Recht soll sinn.

A sech hu sech keng wesentlech Problemer an dësem Projet de loi gestallt. Déi eenzeg Fro, déi vum Statsrot opgeworf gi war, bezitt sech op déi sougenannte Primautéit vum internationale Recht an der Hierarchie vun de juristeschen Normen. Dëse Prinzip vun der Primautéit vum internationale Recht ass bei eis an der Verfassung net festgeschriwwen, wéi dat zum Beispill am Artikel 55 vun der franséischer Verfassung de Fall ass. Dëst huet awer bis elo ni zu engem konkrete Problem gefouert, well déi lëtzebuergesch Juridictiounen an den europäesche Geriichtshaff bis elo ëmmer d'Suprématie vum internationale Recht, respektiv vum communautairë Recht par rapport zum nationale Recht unerkannt hunn. De Statsrot gesäit dofir och keng absolut Noutwendegkeet a sengem Avis fir eppes un dëser Situatioun ze änneren.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech Iech ëm Är Zoustëmmung zu dësem Gesetz bieden a gläichzäiteg eis großherzoglech Regierung invitéieren, an Zukunft net méi 23 Joer ze waarden ier mer eng international Konventioun an der Chamber duerch e Gesetz approuvéieren.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Ben Fayot.

***Discussion générale***

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, d'Konventioun vu Wien iwwert dat internationaalt Vertragsrecht aus dem Joer 1969 ass eng wichteg Konventioun. Si huet iwwregens och ouni Ratifikatioun, wéi mer gehéiert hunn, hir Wierkung voll kënnen entfalen. Dat internationaalt Recht ass nom Zweete Weltkrich entstanen, och aus dem Ongléck eraus wat dësen Zweete Weltkrich iwwert d'Natioune bruecht huet. Déi Natiounen, déi dat internationaalt Recht mat Féiss getrëppelt hunn, hunn dee Weltkrich verursaacht. Mir hoffen, Här President, dass dës Ratifikatioun vun der Wiener Konventioun e klengt Zeechen ass an enger héichgefäierlecher Zäit, fir de Krich duerch rechtlech Mëttelen an internationaalt Recht ze ersetzen. Dofir si mir selbstverständlech mat dëser Ratifikatioun d'accord.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur, deem ech merci soe fir säi Rapport, huet eis ëm eis Zoustëmmung gebiede fir dëse Projet de loi ze stëmmen. Och wa mir un deenen 23 Joer ganz wéineg Responsabilitéit hunn, si mer awer bereet dësen Text ze stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Minister.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, ech soen allen Intervenante merci fir hir Zoustëmmung zu dëser internationaler Konventioun. Wann et effektiv laang gedauert huet, huet dat jo awer am Fong näischt geännert, well d'Konventioun jo rechtskräfteg war. Et ass dofir en Akt vun héijem Symbolwäert, wann d'Chamber haut mat grousser Zoustëmmung dës Konventioun ratifizéiert. Ech wäert der groussherzoglecher Regierung dee Wonsch vun der Chamber matdeelen, dass dat an Zukunft soll méi schnell virugoen.

M. le Président.- Mir kommen dann elo zur Lecture vum Article unique a stëmmen iwwert de Gesetzesprojet of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Artikel 1 ass gelies an ugeholl.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4968 ass eestëmmeg ugeholl mat 54 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Fred Sunnen), MM. Patrick Santer, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wiseler (par M. Norbert Haupert);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5063, déi budgetär Upassung bei der Vergréisserung vun der Handwierkerschoul um Lampertsbierg. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Loes, Scheuer, Bettendorf an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nicolas Strotz.

## 7. 5063 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet d'extension du Lycée Technique des Arts et Métiers à Luxembourg-Limpertsberg

***Rapport de la Commission des Travaux publics***

M. Nicolas Strotz *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et war den 21. Abrëll 1993, also quasi virun 10 Joer, wéi mer hei an der Chamber de Projet de loi 3736 relatif à l'agrandissement et à la rénovation partielle du Lycée technique des arts et métiers à Lëtzebuerg-Limpertsberg diskutéiert an ofgestëmmt hunn.

Den deemolege Projet, deen de Bau vun 28 Klassesäll, 5 Zeechesäll, 4 Informatikssäll, 6 spezielle Säll fir praktesch Aarbechten, 2 Säll a Form vu sougenannten Amphitheateren, 2 Laboratoiren, Büroe fir d'Direktioun an d'Sekretariat, e Foyer mat Videothéik, Discothéik a Projektiounsraum an en Dépôt, respektiv Remisë beinhalt huet, sollt deemools laut Devis 485 Milliioune kaschten. De Rapporteur vum Projet war den honorablen Här Jeannot Krecké, dee sech zesumme mat der Kommissioun am Detail mam Projet ausernaner gesat hat.

Den Neibau war esou konzipéiert, dass dat bestehend Gebai an der Rue des Cerisiers op senger Westsäit quasi doubléiert ginn ass. Esou ass dee bestehende Gank vum ale Gebai d'Achs vum renovéierte Gebai ginn. D'Aarbechte sollte fir d'Joer 1996, dat heescht fir d'Jorhonnertfeier vun där Schoul, fäerdeg sinn. Leider konnt deen Timing net agehale ginn.

Iwwert de Sënn an den Zweck vun där Vergréisserung ass net vill diskutéiert ginn. Mer waren eis deemools an der Kommissioun eens, well jiddferee war sech der Noutwendegkeet vun deem Projet bewosst, ëmmerhin ass schonn zéng Joer virdru säitens der Schouldirektioun op deen akute Platzmangel higewise ginn.

Opgrond vun engem Avis, dee vun de Professeurs-ingénieurs aus der Schoul erstallt gi war, hunn d'Diskussioune sech méi konzentréiert op d'Bauweis an op ekologesch Baumaterialien an energiespuerend Technologien, déi zur Uwendung sollte kommen.

Vu déi deels ënnerschiddlech Usiichte vun den Theoretiker aus der Schoul an de Praktiker aus der Bauteverwaltung ass et zu ganz ugereegten Diskussioune komm, opgrond vun deenen d'Bauteverwaltung bereet war Kompromisser anzegoen, déi schlussendlech der Kommissioun wéi och de concernéierte Parteie Satisfactioun ginn hunn.

Esou detailléiert Diskussioune sinn am Fong geholl net üblech an der Kommissioun gefouert ze ginn, waren awer sënnvoll, éischtens well et sech ëm den Ëmbau vun enger technescher Schoul gedréint huet, déi eng Sektioun vum Baufach beinhaltet huet - wat zwar deemnächst eriwwer ass, well déi Sektioun op Mamer an de Lycée technique Josy Barthel verluecht gëtt - a well d'Schüler vun där Sektioun mat um Oflaf vum Bau bedeelegt sollte ginn, fir esou praktesch Erfahrunge sammelen ze kënnen.

Esou wäit zur Virgeschicht an zu den Diskussiounen, déi 1993 gefouert si ginn. Et waren déi Diskussiounen, déi nëtzlech waren, hu se dach den Ustouss gi fir nei, méi ëmweltbewosst Weeër am öffentleche Bauwiesen anzeschloen.

Dëst war och d'Meenung vum Willy Bourg. Erlaabt mer dofir, Här President, e puer Wierder anzeflechten, déi eise verstuerwene Kolleeg Willy Bourg zum Schluss vu senger Interventioun als Fraktiounssprecher 1993 zu dësem Projet gesot huet: „Et wär ze hoffen, dass an der Zukunft an där Kommissioun esou weider géing geschafft ginn. Et wär ze hoffen, dass an der Zukunft d'Vertrieder vum Bauteministère vläicht nach e bësse méi innovativ op deem Gebitt kéinte schaffen. Als fréieren Directeur-adjoint vun där Schoul hunn ech selwer un där Extensioun ëmmer matgeplangt. Ech ka meng Freed net verstoppen, dass et endlech eescht gëtt, dass d'Schoul endlech déi noutwendeg Raimlechkeeten an Infrastrukture kritt, déi se schonns laang verdéngt huet. Meng Fraktioun steet voll hannert deem Projet."

Ware mer als deemoleg Bautekommissioun an och als Chamber der Meenung, dee Projet kéint ouni Problemer duerchgezu ginn - mir haten eis jo esou vill dermat beschäftegt -, esou si mer dach e puer Joer drop eppes Besseres beléiert ginn.

Während den Aarbechte si Problemer opgetaucht. Ënner anerem si véier Firme Faillite gaangen, wat zu enorme Retarden an der Exekutioun an zu supplementaren Ausgabe gefouert huet. Zousätzlech ass festgestallt ginn, dass d'Drofäegkeet vun den Dallen aus dem bestehende Gebai aus de 50er Joren net méi garantéiert war. D'Expertisen iwwert d'Statik vun deenen Dallë waren esou katastrophal, dass kee méi d'Responsabilitéit iwwer eng weider Benotzung vun deene Raimlechkeete wollt a konnt huelen.

En Zousazprojet ass 1997 der Chamber virgeluecht ginn. Louch den Haaptakzent vum Projet op der Erneierung vun den Dallen, esou huet dat dach eng ganz Rei aner Transformatioune mat sech bruecht. Am ale Gebai huet missen den Daach erneiert ginn, nei elektresch a sanitär Leitungen hu misse verluecht ginn, nei Chappen a falsch Biedem hu missen hiergestallt ginn an d'Fassad huet deels missen erneiert ginn. Dëst alles huet, zesumme mat allen anere scho bekannte Mësselen, den ursprünglechen Devis vu 485 op 610 Milliounen eropgeschrauft.

Als Bautekommissioun hu mer 1997 eng Visite des lieux um Chantier gemaach. Mir goufen do vun all deem an d'Bild gesat wat während den ursprünglechen Aarbechte schief gelaf ass, vum Mangel u Surveillance iwwer Noléissegkeeten a Faillitë vun Handwierkerfirmen. Des Weideren huet den Dialog tëscht de Schüler, Professeren a Responsabelen um Chantier net esou geklappt wéi et virprogramméiert war. Trotz allem konnte mer eis awer vergewësseren, dass d'Aarbechten am neie Fligel esouwäit ofgeschloss waren, an dat zur Zefriddenheet vun de Schoulresponsabelen. Mat den Demolitiounsaarbechten am ale Gebai war schonns ugefaange ginn.

Den Devis supplémentaire ass eestëmmeg hei am Plenum gestëmmt ginn an domat hat dann all Mënsch gemengt, de Projet kënnt ouni Problem zu Enn bruecht ginn. Dass mer eis elo nach eng Kéier mat deem Projet befaasse mussen ass bal, wéi d'Madame Marie-Josée Jacobs géif soen, e stareckt Stéck.

Firwat de Projet vun haut?

D'Ofrechnunge vun deenen eenzelne Corps de métiers hunn erginn, dass deen duerch d'Parlament genehmegte Montant vu 610 Millioune Frang wesentlech iwwerschratt géif ginn an zwar ëm 3.100.000 Euro oder ëm 124 Milliounen al Frangen. Et geet elo drëm dësen zousätzlechen Dépassement vun 3.100.000 Euro par rapport zum viregten Devis supplémentaire ze regulariséieren an esou mam Kontabilitéits- a Budgetsgesetz vum Stat an Aklang ze sinn.

D'Aarbechte vum Ëmbau ware schonn am Joer 1998/99 ofgeschloss gewiescht.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre,

Firwat dës Dépassementer elo?

Beim Ëmbau vu bestehende Gebaier weess een ni, wat ee vun Iwwerraschungen erliewe kann. An dësem Fall huet nach zousätzlech de Problem bestanen, dass d'Aarbechte während de Schoulzäiten hu missen exekutéiert ginn. Fir iwwerméissege Kaméidi ze vermeiden a fir méi schnell virun ze kommen, sinn dofir déi al Dallen, anstatt se mam Lofthummer kleng ze maachen, duerchgeseet ginn. Eng bestehend Trap huet missen op Avis vum Service sécurité dans les écoles während der Vakanz erausgerappt an nei opgebaut ginn. Säitens der Direktioun vun der Schoul ass constatéiert ginn, dass ongenügend Sanitäranlage géife bestoen, also sinn aler, déi hors service waren, erëm komplett erneiert ginn. Eng Anlag fir preventive Brandschutz an e Brandschutzcompartimentage sinn zousätzlech ageriicht ginn. De Carrelage am ale Gebai huet misse quasi vollstänneg erneiert ginn an esou weider.

Zousätzlech sinn am Laf vun den Aarbechten, an dat kënnt bal ëmmer vir wann d'Aarbechte sech iwwer esou e laangen Zäitraum hinzéien, dass nei Ufuerderungen un de Bauhär gestallt ginn. Duerch d'Ëmännerung säitens der Stad Lëtzebuerg vun der Rue des Cerisiers an der Rue Guillaume Schneider an eng Zone à faible circulation, huet de Busarrêt missen ëmgeännert ginn. Och huet den Uschloss un d'Cogénérationsanlag vun der Stad Lëtzebuerg, déi an den alen Halen an der Victor Hugo Strooss ageriicht ass, wéinst Veränneruge vum Leitungstracé ëmgeännert misse ginn.

Fir manner Gefäll an de Schoulhaff ze kréien, sinn dräi Gradinen am Haff aménagéiert ginn, fir esou déi Fläche besser och als Sportinfrastrukture kënnen ze notzen. Déi al Ateliere fir d'Formation pratique am Génie civil sinn ëmgeännert ginn. Doranner sinn zwee Klassesäll an och eng Salle de musculation mat Vestiairen ageriicht ginn. Bestëmmt wichteg am Hibléck op PISA.

***(Interruption)***

Dat ass fir d'Gehier ze trainéieren, dee Musculatiounssall!

Fiichtegkeetsproblemer sinn am Sous-sol entdeckt ginn an hu misse behuewe ginn, wat d'Verleeë vun neien Ofschlossleitunge bedéngt huet. Am Keller sinn och nach zousätzlech Brandschutzmesurë getraff ginn. Des Weideren ass festgestallt ginn, dass deen ale Monte-charge aus de 50er Joren net méi den heitege Bedingunge géing entspriechen, an dofir ass en handicapéiertegerechte Lift agebaut ginn, deen all Etagen desservéiert. Eng gutt Saach, op déi ech besonnesch am europäesche Joer vun de Personnes avec handicap wëll hiweisen.

Fir weider Detailer verweisen ech op den Exposé des motifs.

Et gëtt also genuch Ursaache fir den Dépassement vum Devis ze rechtfertigen. Dëse Projet huet erëm bewisen, dass et ëmmer problematesch ass un al Strukturen ännere ze goen. Aner Beispiller sinn de Lycée de garçons hei an der Stad, de Lycée vun Dikrech, fir nëmmen déi zwee ze nennen, wou et iwwerall zu Dépassementer komm ass.

Als Rapporteur an am Numm vun der Bautekommissioun wollt ech awer soen, dass mer an der Zukunft wierklech drop hale fir am Virfeld vun esou engem Projet, wéi deem vun haut, iwwert d'Problemer um Bau a besonnesch iwwer Programmännerungen informéiert ze ginn.

Bei der Realisatioun vu Projete kann et ëmmer zu Problemer kommen. Och muss een iwwert dem Bauen, als Bauhär, Architekt oder Ingenieur sech kënne korrigéiere wann ee feststellt, dass ee schlecht oder net genuch am Detail geplangt hat. Dofir musse mir als Parlament Versteesdemech opbréngen, genau esou musse mer awer Opklärung erwaarden an dat net, wéi an dësem Fall, e puer Joer nodeems de Bau fäerdeg ass.

Der Madame Bauteministesch ass keng Scholdzouweisung ze maachen. Et wier een Affront vis-à-vis vun hier, well de Projet vun der Extensioun vum Lycée technique des Arts et Métiers ass ganz an der viregter Legislaturperiod realiséiert ginn.

Och der Kommissioun a speziell dem Rapporteur vum éischte Projet, dem honorabelen Här Jeannot Krecké, ass kee Reproche ze maachen, au contraire. Hien hat beim éischte Projet vill a gutt Aarbecht gemaach an dach koum et, et ass bal net ze gleewen, zu Dépassementer. Dofir bieden ech hien, Virsiicht walten ze loossen an der Budgetskontrollkommissioun wann iwwert d'Aarbecht vun anere Kommissioune rieds geet a sech net zu Aussoen hiräissen ze loossen, déi absolut net richteg an doduerch iwwerflësseg sinn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech gleewen net, dass se iwwerflësseg sinn.

M. Nicolas Strotz *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ofschléissend wëll ech soen, och wa villes während dem Oflaf vun deem Chantier net riicht gelaf ass, dass d'Resultat vum Gesamtprojet sech awer weise léisst. Et ass e modernt a fonktionellt Gebai entstanen, wat den Ufuerderungen, besonnesch am Informatikberäich, vun enger moderner technescher Schoul gerecht gëtt. Ech bieden Iech och dësem Projet de loi relatif à l'adoption budgétaire du projet d'extension du Lycée technique des Arts et Métiers à Luxembourg-Limpertsberg, wéi deenen zwee viregte Projeten am Zesummenhank mat dësem Gebai, eng grouss Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech wollt dem Här Strotz trotzdeem soen, wann et Explikatioune gi fir Dépassementer, da war ech nach ëmmer op fir esou eppes, wann ech mech gutt kann erënneren. Do wou ech drop gehalen hunn, dat ass dass et eng ordentlech Prozedur géing ginn, fir dass déi Dépassementer vum Parlament kënnte genehmegt ginn. Dorops hunn ech ëmmer Suergfalt geluecht. Ech hunn éischtens gekuckt dass et net dozou koum, a wann et dozou komm ass, mat gudde Grënn, wéi Dir se elo explizéiert hutt, da soll d'Parlament dofir konsultéiert ginn. Méi hunn ech net gefrot an dat maache mer haut an dobäi bleiwen ech och.

***(Interruptions diverses)***

M. Nicolas Strotz *(CSV), rapporteur.*- Déi nächste Kéier maache mer et wéi beim Rapport iwwert den Zousazprojet vun der Coque, wou säitens der Budgetskontrollkommissioun der Bautekommissioun Reprochë gemaach gi sinn, si hätt dee Projet net richteg analyséiert, an dorobber wollt ech hei hiweisen. Esou wéi Dir deemools, hat och déi Kéier d'Bautekommissioun hir Aarbecht gemaach.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir hutt d'Parkingen net mat agerechent, dat war richteg.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Nico Loes *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech denken de Rapporteur, den honorabelen Här Strotz, huet eis en ausféierleche schréftlechen an och mëndleche Rapport hei ofgeliwwert. Dofir soen ech him am Numm vu menger Fraktioun merci fir seng Aarbecht. Deem Rapport ass och net vill bäizefügen, well den Här Strotz huet eis ganz detailléiert d'Historik vun deem Projet duergeluecht.

Ech wëllt dofir awer dann, obschonn datt et e Bauteprojet ass, e puer prinzipiell Iwwerleeungen zu dem Thema vun Ausbildung an Handwierk maachen. Ech fannen, datt dëse virleiende Projet, dee jo déi sougenannten Handwierkerschoul ass, oder Lycée technique des Arts et Métiers, e gudden Ophänker ass fir dat ze maachen.

Här President, d'Zuel vun de Schüler am Enseignement secondaire technique geet stänneg an d'Luucht, an dofir geet et net nëmmen drëm fir den Ausbau vu bestehenden Infrastrukturen ze maachen, mä och ëm d'Schafung vu ganz neie Lycéeën. De Plan sectoriel Lycées ass jo rezenterweis an dräi Kommissioune virgestallt ginn, an do freet et och mech dann och besonnesch, datt de Lycée technique zu Réiden deemnächst op de parlamentareschen Instanzewee gesat gëtt. Et handelt sech jo hei ëm e Lycée, wou och den technesche Unterrecht dann ausgeriicht gëtt.

Mat dem leschtgenannte Projet, wéi och dee Projet iwwert d'Extensioun vum Lycée technique du Centre zu Dummeldeng, wéi och deem virleiende Projet kënnt also weider Bewegung an d'Problematik vun deenen dréngend noutwendege Schoulinfrastrukturen, an dofir sinn ech och frou datt d'Bauteministesch do wierklech Gas gëtt, datt mer dann déi Lacunen och kënnen ausfëllen, déi nach bestinn.

An dësem Kontext denken ech och, datt et sënnvoll ass eis technesch gutt Equipementer an Infrastrukturen de Schüler zur Verfügung ze stellen, déi dann op der Héicht vun der Zäit musse sinn. Mä doniewent musse mer eis och mat e puer inhaltleche Froe beschäftegen iwwert den Enseignement, speziell an der Handwierkerschoul, an iwwert de Stellewäert vum Handwierk an der Lëtzebuerger Wirtschaft.

Et ass haut kee Geheimnis méi, datt sech ëmmer manner Schüler a virun allem Lëtzebuerger Schüler fir d'Handwierk décidéieren. Wann dëst awer de Fall ass, da versichen der ganz vill fir bei de Gemengen a beim Stat ënnerdaach ze kommen, ouni an e Betrib schaffen ze goen oder sech eventuell selbststänneg ze maachen. Mir mussen eis awer an Erënnerung ruffen, datt mir haut an deene 4.300 Betriber a Sociétéiten eng ronn 54.000 Beschäftegter hunn, an déi droen 23% zum nationale PIB bäi. Dës Betriber hunn haut hir Schwéierpunkter am Bau, am Wunnengssecteur mat ronn 2.000 Betriber, gefollegt vun den Entreprisen, déi sech an der Liewensmëttelbranche, der Santé an der Hygiène an an der Mécanique spezialiséiert hunn.

Iwwert den ekonomeschen a sozialen Aspekt eraus leescht dëse Secteur e wichtege Beitrag fir de sozialen Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft duerch d'Intégratioun vun auslännesche Matbierger.

Dee Secteur ass och e wichtege Bausteen am sozio-ekonomesche Geflecht vun der Groussregioun, mat der Villzuel vun Aarbechter aus dem Grenzgebitt, déi bei eis schaffe kommen.

E Bléck op d'Statistik beleet doriwwer eraus, datt d'Beschäftegung am Handwierk säit de 70er Jore stänneg an d'Luucht gaangen ass. Opfälleg bei dëser Entwécklung ass d'Tatsaach, datt vill Auslänner bei dëse Betriber beschäftegt sinn an datt d'Zuel vun de Lëtzebuerger, déi géigewäerteg bei 9.500 läit, an deene leschte Jore stagnéiert.

Schlussfolgernd kann een also soen, datt de proportionellen Undeel vun de Lëtzebuerger am Handwierk ëmmer méi erofgeet. An der Moyenne kommen all Joer eng ronn 200 Handwierksbetriber bäi, déi no engem Joer en Taux de survie vun 92%, no dräi Joer vun 78% an no fënnef Joer ëm 70% hunn. Ech hat Iech dat jo virdru gesot, Här Bausch, ech wollt e puer prinzipiell Iwwerleeungen iwwert d'Handwierk soen, well den Här Strotz de Projet jo vun dem Baulechen hier duergestallt huet, an dofir wollt ech och e puer Iwwerleeungen dann heizou maachen.

Ech brauch dofir net ze ënnersträiche wéi wichteg datt d'Handwierk fir eis wirtschaftlech Struktur ass. Deem musse mer an deene kommende Joren och Rechnung droen, wa mer weiderhi wëllen e performanten Handwierkssecteur hunn. Schonn elo leescht de Stat wäertvoll Hëllefe bei der Betribsgrënnung an eis Fraktioun hofft an deem Kontext, datt och d'Aarbechte vum Mëttelstandsminister Fernand Boden zur Reform vun der Loi cadre an deenen nächste Wochen a Méint hei zu hirem Ofschloss kommen. Ech denken, datt dat sécherlech eng Signalwierkung hätt am Kontext vun der géigewäerteger wirtschaftlecher Lag.

D'Ausbildung spillt ouni Zweiwel eng wichteg Roll fir d'Handwierk, mä och d'Aussiichten op en adequate Loun si ganz wichteg. Mir mussen de Schüler, déi sech an de kommende Jore verstäerkt fir d'Handwierk interesséieren, an dat ass och eis Missioun, niewent den Infrastrukturen, déi mer zur Verfügung stellen, weisen iwwert de Wee vun enger Meeschterprüfung, datt si och kënnen am Handwierk hire Mann respektiv hir Fra stellen.

Am Kontext vun deene rezenten Zuelen um Aarbechtsmaart, ass dëst sécherlech keng einfach Saach fir eis Jugend méi fir d'Handwierk ze begeeschteren, wann een a Betruecht zitt datt rezenterweis virun allem am Secteur vun der Industrie e Réckgank vu bal 400 Aarbechtsplaze während deenen néng éischte Méint vun 2002 komm ass. Et ass deemno ganz wichteg eis Schüler weider fir déi handwierklech Beruffer ze begeeschteren an hinnen ze vermëttelen, datt hire spéidere Beruff eng Zukunft huet.

Wann een d'Zuelen aus dem Enseignement secondaire ukuckt, da kann een dach liichten Optimismus un den Dag leeën, well d'Zuel vun de Schüler, déi haut am Technique sinn, ass an deene leschte Joren zënter 1992 stänneg an d'Luucht gaangen a läit haut bei ronn 22.000.

Här President, ech denken, datt et vläicht och eng Kéier sënnvoll wier hei an der Chamber oder an dee-

nen zoustännege Kommissiounen iwwert d'Handwierk ze schwätzen an och eng Kéier d'Ausbildung ze beliichten, speziell déi an der Handwierkerschoul, déi mer elo wierklech infrastrukturell op de Point gesat hunn, an datt mer eis do eng Kéier Gedanken driwwer maachen. Mat dëser Propositioun schléissen ech meng Interventioun of a gi selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun, zu deem Projet.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech verbäisse mer dann elo d'Loscht fir en Iwwerbléck iwwert de Stand vum Handwierk hei zu Lëtzebuerg ze ginn, wéi den Här Loes dat gemaach huet, an ech wäert mech kuerz faassen, éischtens aus gesondheetleche Grënn, zweetens well ech och wierklech fannen datt de Rapport vum Här Strotz gutt ass, esouwuel de schréftleche wéi och de mëndlechen. Ech wëll dat net widderhuele wat e gesot huet. En ass jo zréckgaangen an d'Geschicht an en huet déi Geschicht opgeschafft bis d'Joer 1998 an doriwwer eraus bis zur Coque, déi um Kierchbierg gebaut ginn ass, a wäit iwwert dee Projet ass en och nach erausgaangen a sengem mëndleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz huet eng Virgeschicht an a Wierklechkeet ass dat hei e Gesetz wat mer ex post stëmmen. Dat ass schonn eppes aussergewéinleches, an zwar mat engem Retard vu Minimum véier Joer. Dat hat ech menges Wëssens no nach net gehat bei engem Bauteprojet. Et ass dat drëtt Gesetz wat iwwert d'Handwierkerschoul gestëmmt gëtt. 1993 hu mer dat Gesetz gemaach. Den Här Krecké war deemools Rapporteur an ech sinn iwwerzeegt dervun, obschonn ech mech net méi esou erënnere kann, mä ech kennen e gutt, datt e schonn deemools a senger weiser Viraussiicht wosst, mir waren op der Plaz, datt et net bei deem Budget bleiwe konnt, deen deemools virgesi war.

Et huet net laang gedauert, 1997 hu mer dat zweet Gesetz gestëmmt an do stounge mer op der Plaz a mer hunn an déi Lächer gekuckt, déi am sougenannte Betong waren, a mer hu festgestallt datt alles, wat an de 50er Jore gebaut gi war, vun esou enger schlechter Qualitéit war, datt et net droe konnt.

Do hunn ech dann natierlech, deemools schonn, d'Fro gestallt, déi ech och haut stellen: War et net am Joer 1992 virauszegesinn, datt dee Betong an deem Zoustand war? Dorophin hu mer keng Äntwert kritt. Fait ass awer, datt déi Analysë mat enger relativ grousser Verspéidung gemaach gi sinn an datt also d'Programmatioun vun deem Bau am Joer 1992/1993 net optimal gelaf ass. 1997 war kee verwonnert wéi mer dunn nogestëmmt hunn, an ech mengen et ass och haut kee verwonnert, datt mer nach eng Kéier 3.100.000 Euro nostëmmen, déi awer scho längst ausgi sinn, dat heescht mir maachen am Fong just eng Aktioun fir d'Kontabilitéit à jour ze setzen.

Uschléissend un déi schlecht Bausubstanz, vun där ee sech wierklech iwwerzeege konnt, sinn natierlech Impondérables dobäi komm: Failliten, et si Regieaarbechten dobäi komm déi net virgesi waren, an op där doter Plaz och nach Sécherheetsaarbechten, déi waren awer och schonn deemools ugekënnegt ginn an et ass och schonn 1993 dervu geschwat ginn, datt den öffentleche Verkéier op där doter Plaz net kënnt esou bleiwe wéi en deemools war.

Ech wëll elo mat engem Zitat ofschléissen. Dat ass dann d'Zitat aus dem 6. Kapitel vum Här Strotz sengem Rapport, dat kléngt esou e bësschen…

***(Interruptions)***

Jo, dat kléngt esou e bëssche wéi wann een de Magnifikat geholl hätt an d'sechst Kapitel, e bësschen d'Bibel, an et ass och esou formuléiert: „La Commission souhaite toutefois à l'avenir, que tout dépassement de vie et tout changement de programme soit soumis au préalable à la commission des travaux publics."

Dat ass e fromme Wonsch, deem schléisst eis Fraktioun sech nëmmen un. Fait ass, datt mer elo do fir de Moment e gudde Projet hunn, datt d'Handwierkerschoul gutt ënnerdaach bruecht ass an datt dat Bescht aus deem ale Gebai gemaach ginn ass, wat ee konnt maachen.

Domadder iwwerbréngen ech den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

***(Interruptions)***

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir unzefänken dem President-Rapporteur Néckel Strotz wierklech e grousse Merci soe fir säin excellente schréftlechen a mëndleche Rapport. An ech schécken och direkt viraus, datt eis Fraktioun, d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei, dëse Projet wäert à l'unanimité stëmmen.

Ech kommen awer net derlaanscht e puer Remarquen ze maachen. Éischt Remarque. Déi heiteg Bauteministesch an déi heiteg Unterrichtsministesch, déi sinn net dofir verantwortlech, well haut mussen 3,1 Milliounen Euro nogestëmmt ginn.

Une voix.- Si ass onschëlleg.

***(Hilarité)***

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Ganz onschëlleg.

Une voix.- Ganz onschëlleg.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Zweet Remarque. D'Gebai ass zënter bal fënnef Joer fäerdeg, an da stëmme mir haut e Gesetz, en Zousazkredit. Firwat, muss ech lech wierklech froen. Wat soll dat? De Projet vum 27. Mee 1993 war deemools 12 Milliounen Euro, de 5. Juni 1997 war en dann op 15,1 Milliounen Euro an d'Luucht gaangen, 1998/1999 war d'Gebai fäerdeg an haut stëmme mir en Zousazkredit vun 3,1 Milliounen Euro.

Ech hat an eiser Kommissioun gefrot, ob eventuell Handwierksleit net bezuelt gi wieren, well jo kee Kredit do war. Ech gouf awer berouegt, si wieren alleguerte bezuelt ginn, si hätten alleguerten hir Sue kritt. Da froen ech mech: Firwat brauche mer haut nach dëst Gesetz, en Zousazkredit?

Mir gouf gesot, d'Commission du Contôle de l'exécution budgétaire, hätt dëst Gesetz gefrot fir d'Kontabilitéit an d'Rei ze setzen. C'est de l'art pour l'art. Fir näischt stëmme mir dëst Gesetz. D'Regierung huet missen e Projet de loi ausschaffen. Et hu missen Avisë geholl gi beim Conseil d'Etat. Eis Kommissioun gouf domat befaasst, a mer schwätzen haut an der Chamber doriwwer, fir eppes wat wierklech näischt op sech huet.

Ech stellen der Kommissioun vum Här Jeannot Krecké d'Fro, ob et net duergaange wier, wa se eis e Rapport gemaach hätten an der Chamber gesot hätten, dass 1998/1999 d'Konten e bësschen - fir et emol léif auszedrécken - gerëselt gi sinn, an d'Rei bruecht gi sinn, fir dass d'Handwierksleit och konnten alleguerte bezuelt ginn, an dass et no baussen net soll duerchdrëngen, dass et mat deem Zousazkredit vun 1997 nach eng Kéier net géif duergoen. Esou gesäit dat hei sech un, wa mer hei e Gesetz stëmme fir 3 Milliounen Euro, wou schonn alles bezuelt ass.

Ech muss Iech soen, an de Gemenge fonctionnéiert dat do guer net. An de Gemengen, do ass de Receveur haftbar mat sengem eegene Verméigen, wann hie Sue bezilt déi net vum Gemengerot genehmegt gi sinn a vum Ministre de tutelle och nach approuvéiert gi sinn. Da froen ech mech natierlech: Wéi hu mer dann deemools d'Konte gerëselt, dass mer d'Leit dunn alleguerte konnte bezuelen, ouni dass mer deen Zousazkredit, dee mer haut hei stëmmen a wou jiddferee bezuelt ass, haten?

***(Interruption)***

Ech wollt Iech soen, ech krut an eiser Kommissioun erkläert, dass dëse Projet wichteg wier fir d'Kontabilitéit an d'Rei ze bréngen, dass d'Bauteministesch awer och guer net dofir kënnt, dass keen dofir kënnt, dass mer den Zousazkredit ebe brauchen. De Rapporteur huet eis wierklech excellent duergeluecht, dass all déi Aarbechten hu misse gemaach ginn, dass se hu misse realiséiert ginn, an den Här Scheuer huet eis gesot dass mer haut en excellenten Outil de travail do stoen hunn, mat deem mer alleguerten zefridde sinn, dass mer haut eng gutt Schoul do hunn an dofir, ech hunn et aganks gesot, eis Fraktioun stëmmt geschlossen dëse Projet de loi.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sou wéi mer dat bei deem viregte Bauteminister gewinnt sinn, stëmme mer haut den Devis supplémentaire vum Devis supplémentaire. Dat hu mer leider an der Vergaangenheet vill ze vill oft misse matmaachen. Dat stellt d'Chamber ëmmer virun déi Situatioun, datt se d'Impressioun huet, wéi mäi Virgänger et elo richteg ervirgestrach huet, datt et ganz oft Moutarde après dîner ass. Mä et ass awer och d'Geleeënheet fir d'Responsabilité politique festzeleeën, iwwert déi Aart a Weis wéi hei mat öffentleche Gelder gefuer gëtt.

Mir gesinn datt mer haut en Devis supplémentaire vun 3,1 Milliounen Euro, oder 25% par rapport zu deem viregten Devis, musse stëmmen. Dat ass gehéireg. Déi ganz Prozedur weist, datt den Investitiounsprogramm, déi ganz Devisen-Opstellung op allen Hisiichte schlecht wor, a mir mussen eis do eng aner Prozedur ginn.

Mir mengen, oder ech mengen, datt et wichteg wier wann een de System géif iwwerhuelen, dee bei de Gemenge besteet. Dat ass, datt ee fir d'éischt en Avant-projet sommaire mécht, wou d'Chamber sech ausschwätzt iwwert de Programm dee se wëllt baue loossen an iwwert ongeféier en Devis. An datt deen Ablack d'Expäre vun der Regierung higinn an den Devis sou detailléiert maachen, en vue vun dem Programm dee vun der Chamber gestëmmt ginn ass, eventuell verschidde Rectificatiounen an Etüden nach maache loossen, mat engem effektiven Devis nach eng Kéier virun d'Chamber kënnt, fir dann deen Ablack kënne méi no un de reelle Käschtepunkt erun ze kommen.

Et ass verständlech, datt et ëmmer verschidde Surprisë ginn, dat ass inévitabel. Mä wann ee sou fiert, wéi mir et augenblécklech an der Prozedur virgeschriwwen hunn, wou just nëmmen den Devis kënnt, da gëtt dat villeg méi schwéier, fir direkt richteg ze leien, mä hei huet een awer och nach heiansdo d'Impressioun, datt dee viregte Bauteminister dës Prozedur délibérément gemaach huet. Et ass dat, wat grave ass, wann ee gesäit wéi dat leite gemaach ginn ass a wéi wierklech op eng criant Aart a Weis den Dépassement vun den Devisë muss festgestallt ginn.

Mir gesinn och, datt zwee Problemer opgetaucht si fir déi manifestement kee kann, mä wou et awer verschidde Responsabilitéite gëtt. Dat ass, datt véier Gesellschaften a Faillite komm sinn an datt d'Programmer geännert hunn.

Ech wëll do u meng Proposition de loi erënneren, wou ech gesot hunn datt et gutt wier, wa mer eng Assurance générale géife fir all d'Gebailechkeete virgesinn. Déi géif éischtens duerfir garantéieren, wann e Betrib a Faillite kënnt, deen Ablack de Bau ka fäerdeg gemaach ginn, a wa Responsabilitéite festgeluecht ginn oder Feeler festgehale ginn, datt deen Ablack fir d'éischt reparéiert gëtt iwwert de Wee vun der Assurance, ier Responsabilitéite gesicht ginn. Dat hätt munches hei, och um finanzielle Gebitt, anescht gemaach.

Wuerfir? Well déi Assurance, déi dat bezuele muss, déi kuckt natierlech och de Bau no, ob dat richteg gemaach ginn ass an ob den Devis richteg ass. Mir gesinn, dass dat a Frankräich zu ganz ville Facilitéite gefouert huet an datt de Käschtepunkt dovunner ganz niddreg ass: 0,10% vum Bau, dat souwuel bei Privatleit wéi bei Entreprisen, wéi beim Stat a bei de Gemengen.

Ech mengen et wier richteg, wann ee sech déi Iddi nach eng Kéier géif iwwerleeën. Mir wäerte bei dem Débat iwwert de Logement vläicht nach eng Kéier dorobber zréckkommen, mä ons schéngt et awer wichteg, datt een hei op nei Weeër geet fir méi Partenairen an d'Responsabilitéit ze huelen a fir dës onméiglech Situatioun, mat där d'Chamber haut konfrontéiert ginn ass, an Zukunft ze verhënneren.

Dat gesot, wollt ech soen, datt d'ADR-Fraktioun awer hiren Accord hei gëtt, quitte datt mer bedaueren datt et Moutarde après dîner ass.

M. le Président.- D'Wuert huet elo nach den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa schonn een ufänkt d'Aart a Weis a Fro ze stelle wéi mer elo virginn - dat ass jo keng Iwwerraschung -, da muss ech awer zwee Wuert Explicatioun dozou ginn.

D'Kolleegen aus der Travaux-publics-Kommissioun mat hirem President menge jo och ëmmer, si misste sech un eis reiwen. Dat ass mëttlerweil e bëssen zum Sport ausgeaart. Ech hu kee Problem domadder, mä ech wëll hinnen an Erënnerung ruffen, dass de Fait, dass mer elo esou Prozedure wéi déi heiten hunn, an de Fait, dass mer manner Dépassementer an Zukunft wäerten hunn - dat ginn ech Iech schréftlech op eng Salztut -, deen ass trotzdeem zu engem Deel dorop zréckzeféieren, dass mer haut eppes hu wat mer net haten an deene Jore virdrun, nämlech eng Kommissioun déi sech eleng mat der Exekutioun vum Budget emol ofgëtt.

Ech mengen déi meescht vun eise Kommissioune waren einfach beschäftegt fir d'Projeten, déi do louchen, déi vun der Regierung oder vun den Deputéierte proposéiert gi sinn, hei an de Plenum ze bréngen. Hei gëtt et eng Kommissioun, déi sech quasi nëmme mat der Ausféierung vum Budget kann ofginn.

Mir hunn do zwou Démarchen. Ech wëll de Kolleegen, besonnesch dem Här Bettendorf, an Erënnerung ruffen, dass mer säit dem 1. Januar 2000 eng Situatioun hunn, déi eng ganz aner ass wéi déi vu virdrun. Mir hunn e Kontabilitéitsgesetz, a sämtlech Parteien heibannen hu sech d'Wuert gi sech dorunner ze halen. Mir sinn eis mat der Bauteministesch, wéi mat anere Ministeren - mä et ass haaptsächlech mat der Bauteministesch, wou mer déi Diskussiounen do haten -, eens ginn op eng Prozedur, dat heescht e Bau. Dunn hate mer och gesot, dass mer nach eng Kéier doriwwer schwätze géifen, wéi et zu där Präisgestaltung vun deem Bau do kënnt. Dat ass awer elo mëttlerweil schonn iwwer e Joer hier dass mer déi Diskussioun ugefaangen hunn an net zu enger Konklusioun komm sinn.

Mä iwwert dee Problem eraus, dass mer also zu engem gewësse Präis e Bau stëmmen oder gegebenenfalls eng Strooss, maache mer e Suivi vun der Exekutioun a mir kucken, ob et eventuell zu Dépassementer kënnt. Kënnt et zu Dépassementer an d'Ministesch gëtt sech mat hiren Administratiounen, haaptsächlech deenen zwou Administratiounen, Instrumenter fir dee Suivi ze maachen, da solle mer am Virfeld kloer am Parlament d'Autorisatioun dofir ginn.

Wann dat mat Zäite geschitt, Här Bettendorf, da braucht Dir lech och an Zukunft keng Suergen ze maachen, da ginn d'Handwierker bezuelt. Da gi se en toute légalité bezuelt, dat heescht da gi se bezuelt, well d'Parlament déi Autorisatioun zum Bezuele ginn huet.

Déi Prozedur hu mer eis ginn an do hat ech d'Impressioun, dass jiddfereen domat d'accord war, soss huelen ech déi Motioun eraus, déi mer hei eestëmmeg gestëmmt hunn. Elo stamen awer eng Rei Projeten aus där Period vu virun deem neie Kontabilitéitsgesetz, déi eng gréisser Envergure hunn, also moi je veux bien. Wann Dir d'Impressioun hutt 120 Millioune wieren näischt an déi sollen ausbezuelt ginn, ouni dass d'Chamber jee eng Autorisatioun dozou ginn huet, da musst Der dat soen.

Ech sinn awer der Meenung dass dat net de Fall ass, quitte dass et elo après coup ass wou mer esou eppes legaliséieren. Dat ass ebe well mer de Passage vun engem System an deen anere gemaach hunn. Domat kann ee säi Problem hunn. Ech sinn awer frou datt mer dee Wee ginn, och wa mer elo nach zwee, dräi, ech weess net wéi vill där Projeten hunn, wou mer wahrscheinlech Saache mussen opschaffe vu virun deem Kontabilitéitsgesetz, mä duerno dierft dat doten normalerweis net méi entstoen.

Normalerweis misst den zoustännege Minister all Kéiers an der Lag si mat deenen Instrumenter, déi hie sech ginn huet, de Suivi esou ze maachen, dass hie mat Zäiten heihinner kënnt, wann en Dépassement ass a wann et zu Dépassementer komm ass an hie kann dat valablement explizéieren, dann huet dës Chamber jo nach ëmmer hir Zoustëmmung dozou bruecht, an zwar op bal alleguer de Bänken. Ech gesinn also do kee Problem.

Mir gi vun engem System an den aneren, an an deem System gëtt et ebe wahrscheinlech e puer esou Projeten, wou ee sech d'Fro stellt ob et noutwenneg ass. Mir legaliséieren après coup eppes a mir hoffen an Zukunft nëmmen eppes brauchen ze legaliséieren, wat och duerno eréischt ausbezuelt gëtt. Ech fannen, dass dat e Progrès ass. Dofir eleng ass déi Kommissioun scho wichteg.

Merci, Dir Dammen an Dir Hären.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger huet nach d'Wuert gefrot.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech sinn natierlech ganz frou aus dem Mond

vun dem Fraktiounschef vun der Oppositioun ze héieren, dass dës Majoritéit sech nei Prozedure ginn huet, notamment dat neit Kontabilitéitsgesetz,...

***(Interruptions diverses)***

...notamment och nach hien als President agesat huet vun där zoustänneger Kommissioun, esou dass de Schlamassel, dee virdrun an dem Bauteministerium ënnert dem Här Goebbels geherrscht huet, net méi méiglech ass.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, ech wollt awer drop hiweisen, dass d'Basis...

***(Brouhaha général)***

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Oh neen!

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här Henckes, wann Dir keng Zäit hutt, Dir dierft goen. Ech halen lech net zréck.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Här President, ech wollt drop hiweisen, datt déi nei Prozeduren, déi déi nei Majoritéit sech ginn hätt, haaptsächlech an deem neie Kontabilitéitsgesetz bestinn. Ech wëll just drun erënneren, dass dat virun deene leschte Wahle gestëmmt ginn ass, also sinn et net just d'Prozedure vun der neier Majoritéit, mä och vun der aler Majoritéit, déi d'Schwächte vum System erkannt hat.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Bauteministesch, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'alleréischt der Kommissioun an dem Rapporteur Néckel Strotz merci fir déi gutt Aarbecht. De Rapport war explicite, dat heescht ech brauch net méi an den Detail vum Projet selwer anzegoen. Ech maachen awer selbstverständlech e puer Bemierkungen zum Prinzip.

Ech mengen emol éischtens musse mer entscheeden, ob et sech ëm eng Restauratioun oder ëm en Ausbau vun enger bestehender Schoul dréint, oder ob et sech ëm en Neibau dréint. Et ass natierlech beim Lycée technique des Arts et Métiers e komplexe Projet gewiescht, deen och évoluéiert huet, dat beweist schonn déi laang Zäit wou dru gebaut ginn ass, wou natierlech ëmmer nei Iddie komm sinn, wou och nei Problemer komm sinn, an ech wette mat Iech datt heibanne kee Buergermeeschter ass, deen a senger Gemeng eng Restauratioun vun engem ale Gebai gemaach huet, ouni datt hie mat engem Devis supplémentaire huet misse bei säi Gemengerot goen.

Une voix.- Très bien, dat ass richteg.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Domadder huet hie sech ofgeséchert, domat ass hien an aller Legalitéit sécher, datt hie seng Majoritéit souwuel informéiert huet a säi Gemengerot hannerun sech huet. De Minister kann dat net oder konnt et net. Mir hunn elo Mëttel a Weeër fonnt.

Ech hat sengerzäit als Chamberspresidentin scho virgeschloe mer sollten eng Prozedur „genehmigt zur Planung" an d'Wee leeden, fir datt dann och de Bauteminister mat engem fäerdege Projet détaillé heihinner kënnt kommen, da wiere mer emol méi no bei der Wourecht. Dat ass awer aus constitutionelle Grënn net akzeptéiert ginn, well dat eng Genehmigung wier, wou kee Käschtepunkt mat dra wier. Elo si mer op enger Prozedur wou mer genehmegen, an do sinn ech net mam Här Henckes d'accord, well wa mer géifen dat maache wat hie proposéiert an en Avant-projet sommaire fir d'éischt stëmme loossen an dann e Projet définitif stëmme loossen, dann hätte mer nach eng Kéier eng législativ Prozedur dertëschent a mir géifen nach net wëssen ob dat dann effektiv de richtege Käschtepunkt wier, well de richtege Käschtepunkt kënnt jo eréischt eraus wann d'Soumissioune gelaf sinn, an heiansdo ass e meilewäiten Ënnerscheed tëschent engem Devis an enger Soumissioun.

Wat dëse Projet am Speziellen ugeet, do ass natierlech den Zäitpunkt, wéi den Här Scheuer dat genannt huet, Moutarde après dîner. Et si véier Joer, déi tëschent dem Virleeë vun engem Gesetz an der Exekutioun leien, déi engem ze denke ginn. Ech muss allerdéngs soen: Och fir de Bauteministère ass et eng opwenneg Prozedur fir nees Projet de loi mussen auszeschaffen, op den Instanzewee ze ginn an all déi Décompten ze maachen. An esou vill Leit hu mer och net an deem Ministère an déi si voll op deene Projeten, déi se sollen ausschaffen. Dat sinn Architekten an déi hunn deemno bei där heiter Aarbecht vläicht net onbedéngt déi Prioritéit gesat, déi elo d'Chamber gefrot hätt, well eben déi aner Aarbechte virginn.

Mir komme souwisou net séier genuch no mat allen Aarbechten. Dat ass natierlech och en Element vun deene Projets de loi, déi mer musse virleeë fir eis conforme ze setze mat de Gesetzer vun der Chamber.

Dat sinn awer Prozeduren déi mer akzeptéieren, an ech géif dofir drëm bieden, dass mer eis an Zukunft drëm beméie bei de Programmer méi genee ze sinn a bei der Ausaarbechtung vun engem Programm, sief et fir en Neibau oder fir eng Restauratioun vun engem Albau, fir da vläicht méi Zäit drop ze verwende fir de Programm am Fong auszeschaffen.

Wat de Schoulbau ugeet, hu mer eis eng Prozedur ginn, déi mol eng Saach sécher stellt, dat heescht dass net ëmmer mat neien Iddien ugefaange gëtt an dass net ëmmer nees nei Wënsch während der Planungsphas un de Bauteminister erugedroe ginn. Selbstverständlech ass et fir d'Chamber wichteg, an ech kommen och dem Wonsch vun der Kommissioun no fir all Ännerung, déi um Programm virgeholl gëtt, der Chamber virzeleeën, mä ech muss leider soen, an deene Fäll wou ech elo mat Projets supplémentaires hu misse komme war emol d'Regierung net informéiert, well do sinn einfach Décisiounen a Programmännerunge geholl ginn zwëschenduerch, kulant wéi dat fréier gemaach ginn ass, an dann hate mer duerno d'Bescherung. Dat ass dann en Devis supplémentaire ginn.

Ech hunn drop gehalen, dass an de Plan sectoriel an den Text expressiv verbis soll dra kommen, dass all Changement de programme muss vun der Regierung genehmegt ginn, an da kënnt et selbstverständlech och an d'Chamber, well all Changement de programme ass jo meeschtens och e Changement vum Devis.

Ech gi mer also all Méi, Här President, well ech sinn der Meenung mir sinn an engem klenge Land, a grad an engem klenge Land soll et grouss Transparenz ginn. Ech hu keen Interessen drun, dass iergend ee Schiet op eiser Aarbechtsweis hänke bleift. Ech hunn näischt ze verstoppen an ech gi mer Méi fir och der Chamber all déi Informatiounen ze ginn déi se brauch a fir och dobaussen der Öffentlechkeet d'Gefill ze ginn, dass mat de Steiergelder spuersam gehandhaabt gëtt an och jidderee riicht ze stoen huet fir dat wat en ausgëtt.

Dat gesot, soen ech natierlech der Chamber merci fir dës Rectificatioun, fir dës Opschaffung vun Altlasten. Ech hoffen, dass ech net allze dack nach mat deenen dote Problemer muss virun d'Chamber zréckkommen an dass mer eis da mat där neier Prozedur och kënnen esou bewege wéi de Bauteministère dat brauch, dat heescht à la fois flexibel an transparent bis op de leschte Frang.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen iwwert de virleiende Projet of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5063 ass unanime mat 55 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Fred Sunnen), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Norbert Haupert);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err (par M. Georges Wohlfart), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5017 iwwert zwee Verwaltungsgebaier fir déi europäesch Institutiounen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Graas a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement.

## 8. 5017 - Projet de loi relatif à la location avec option d'achat de deux immeubles administratifs destinés aux institutions européennes

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Gesetz 5017, dat d'Chamber haut zur Diskussioun an och zum Vote virlei-

en huet, geet et ëm d'Locatioun an ëm eng Option d'achat vun zwee Gebaier um Kierchbierg.

Et muss een dat alles am Kontext vun der Erweiderung vun der Europäescher Unioun gesinn, eng Erweiderung déi ëmmer méi no réckelt. Si stellt ouni Zweifel e weidere Baustee vun engem gëeenten Europa duer. Si ass historesch, dat souwuel um Niveau vun der Envergure mat deem Zouwuess vun 105 Milliounen Awunner an enger flächeméisseger Vergréisserung vu 34%, wéi och um Niveau vun der kultureller Diversitéit vun deenen eenzelnen Natiounen.

Dës Vergréisserung vun der Europäescher Unioun werft selbstverständlech och hire Schiet op den EU-Standort Lëtzebuerg. Et ass aus dësem Grond evident fir eist Land, dass mir d'EU-Institutiounen, déi mer hei hunn, un déi bevirstoend Erausfuerderungen, souwuel um Niveau vun der Erweiderung upasse wéi och um Niveau vun der EU-Présidence 2005.

D'EU-Institutiounen hunn och schonn éischt Demandë virgeluecht, déi d'Regierung opfuerdere fir neien zousätzleche Bürosraum zur Verfügung ze stellen. Dofir ass et net onwichteg an och aus sécherheetstechnesche Considérationen eraus sécher noutwendeg, dass dës Gebaier sech onmëttelbar an der Géigend vum Centre de conférences befanne sollen.

Déi europäesch Autoritéite sinn awer momentan net an der Lag fir ze soen, ob se dës Gebaier selwer kafe wëllen oder selwer loune wëllen. Aus dësem Grond ass et dofir noutwendeg, dass de Lëtzebuerger Stat als Intermédiaire zwëschent dem private Promoteur an dem Europaparlament fungéiert.

Déi Gebaier, ëm déi et sech an der Saach dréint, sinn déi zwee Bâtiments-tour, déi alle béid 19 Stäck héich sinn a béidsäiteg vun der Avenue John F. Kennedy sech befannen. Si befanne sech onmëttelbar bei der Place de l'Europe mam Centre de conférences a mat der Salle philharmonique Grande-Duchesse Joséphine Charlotte.

D'Europäescht Parlament wëllt dës zwee Gebaier, déi eng gesamt Notzungsfläch vu 34.166 m² fir d'Büroen an 6.275 m² fir Archiver an technescht Equipementer hunn, gäre lounen. Als Konterpartie dofir wëllt d'Europäescht Parlament dann de Bâtiment Alcide de Gasperi raumen. Et ass wichteg, dass dëst Gebai esou séier wéi méiglech fräi gëtt, fir dass d'Renovéierungsaarbechten an den Ausbau vum Centre de conférences esou schnell wéi méiglech ofgeschloss kënne ginn. Dat Ganzt ass och am Intérêt vun der Regierung déi, wéi gesot, 2005 d'Présidence vun der EU assuméiere muss, an dofir d'Bauaarbechten esou séier wéi méiglech och fäerdeg stelle muss.

Wat de finanziellen Aspekt ubelaangt, esou muss ee festhalen, dass esouwuel de Loyer wéi och den Akafspräis vun deenen zwee Gebaier déi gesetzlech fixéiert Limite aus dem Artikel 99 vun der Constitutioun an dem Artikel 80 vum Kontabilitéitsgesetz iwwerschreiden. De jährleche Loyer, deen, muss ee soen, relativ héich ass, beleeft sech op ronn 13,25 Milliounen Euro, Loyer, deen iwwer e Kredit vum Finanzministère bezuelt gëtt.

D'Regierung ass doriwwer eraus duerch dëst Gesetz awer och habilitéiert dës Gebaier ze kafen. Am Fall vu Kaf vun de Gebaier lafen d'Käschten iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs. En vue vun deem awer héije Loyerspräis ass et wichteg, dass eng Option d'achat besteet, eng Option d'achat déi och am Contrat de bail festgehalen ass. De méigleche Kafpräis ass och scho fixéiert. D'Tour A kascht entweder 81,5 Milliounen oder 79,2 Milliounen Euro, jee nodeems ob de Stat d'Option d'achat no sechs Joer oder no néng Joer Locatioun benotzt. 91 oder 82,5 Milliounen ass de Kafpräis no zwee, respektiv no néng Joer Locatioun fir d'Tour B.

D'Finanzkommissioun ass ausserdeem der Meenung, dass et wichteg an och richteg wier, nodeems d'Regierung décidéiert hätt fir déi Gebaier ze kafen, dass dëse Projet och an de Programme pluriannuel géif integréiert ginn.

Här President, de Projet ass den 23. August. 2002 vum Budgetsminister Luc Frieden an der Chamber déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 8. Oktober ofginn. An der Sëtzung vum 24. Oktober ass de Rapporteur genannt ginn. De Projet de loi mam Avis vum Conseil d'Etat ass an der Sëtzung vum 19. Oktober analyséiert ginn. D'Kommissioun huet sech mat deene verschiddenen textuellen Ännerungsvirschléi vum Statsrot d'accord erkläert.

D'Kommissioun huet en Amendement fir den Artikel 2 adoptéiert, dee vum Statsrot a sengem Avis complémentaire de 14. Januar 2003 guttgeheescht gouf. De schréftleche Rapport ass an der Sëtzung vum 7. Februar analyséiert an och ugeholl ginn.

Ech wollt nach kuerz op den Artikel 2 vum Gesetzesprojet agoen, deen a senger initialer Form dem Conseil d'Etat net explizit genuch war, wat eng eventuell Adaptatioun vum Loyer ubelaangt. D'Kommissioun huet dëser Observatioun vum Statsrot Rechnung gedroen an den Text deementspriechend och amendéiert.

D'Kommissioun hat och d'Geleeënheet, fir mat Vertrieder aus dem Ausseministère iwwert d'EU-Sëtzproblematik ze diskutéieren. De Comité de Coordination aus dem Ausseministère huet op den Ënnerscheed tëschent den EU-Institutiounen, déi hire Sëtz d'office zu Lëtzebuerg hunn, an de communautairen Agencen, déi zu Lëtzebuerg usässeg sinn, opmierksam gemaach. Eng ganz Rei vu Memberstate beméie sech intensiv drëm déi sougenannten Agencen an hir Länner ze kréien. No den Aussoen awer vum Comité de Coordination kann et duerchaus méiglech sinn, datt an de kommende Jore méi Personnel communautaire op Lëtzebuerg kënnt. Doriwwer eraus ass preziséiert ginn, datt Lëtzebuerg drëm beméit ass fir datt keng Sessioun vum Conseil op Bréissel transferéiert muss ginn, och wann am Moment äifreg un deene verschiddene Gebaier um Kierchbierg geschafft gëtt. Zu dësem Zweck also, fir datt keng Sessioun op Bréissel transferéiert muss ginn, sinn an de Foireshale provisoresch Infrastrukture virgesinn, fir e reibungslosen Oflaf vun de Conseilen ze garantéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet huet u sech zu kenge gréisseren Observatiounen an der Finanzkommissioun gefouert. Ech bieden dofir d'Chamber de Gesetzestext esou ze stëmme wéi e vun der Kommissioun proposéiert ginn ass. Mam Accord vun der CSV-Fraktioun schléissen ech da meng Interventioun a soen all de Kolleeginnen a Kolleegen, déi hei waren, merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, dëse Projet schreift sech an de Kader vun der Lëtzebuerger Sëtzpolitik fir europäesch Institutiounen an. Wann een an den Detail dovunner kucke geet, da mierkt ee munch Inkoherenzen a munch Onklorheeten.

De virleiende Projet huet jo dann, dat ass ons vum Här Rapporteur Clement gesot ginn, als Objektiv, datt de Lëtzebuerger Stat fir d'Europaparlament zwee Tierm un der

Porte de l'Europe lount, an dobäi spillt also de Stat Intermédiaire tëschent dem Propriétaire an dem Europaparlament. D'Noutwendegkeet huet sech dofir erginn, well d'Europaparlament dat net wollt matmaache wat de Lëtzebuerger Stat fir d'éischt wëlles hat. Dir erënnert lech nämlech bestëmmt drun, an dofir sinn ech och frou datt d'Madame Hennicot hei ass, datt mer de 27. Juni 2001 hei an dëser Chamber de Projet 4771 iwwert den neie Centre de conférences diskutéiert hunn. Deemools huet de Rapporteur vun der Chamber, onse gudde Kolleeg, den Här Willy Bourg, dee mer de Mëtteg hei gëéiert hunn, a sengem Bericht erkläert, fir dee Centre de conférences ze baue misst d'Europaparlament aus dem Bâtiment-tour erauszéien a fir déi ongeféier 800 Beamten ënnerzebrénge géif dann de Bâtiment administratif Kirchberg, och BAK genannt, vergréissert ginn. Bis dat kënnt geschéien, misst d'Europaparlament ee vun deenen zwee Tierm lounen, déi ufanks 2002 sollte gebaut ginn a vun deene mer hei schwätzen.

Onse Rapporteur hat deemools gemengt, an ech huelen un dat war opgrond vun Informatiounen, déi e jo dann aus dem Bauteministerium huet misse kréien, datt dat eng reng privat Operatioun géif ginn, mat där de Lëtzebuerger Stat näischt ze dinn hätt, weder iwwert de Budget nach iwwert d'Loi de garantie. Dat huet sech als falsch erwisen. Dëse Projet ass de Bewäis dofir.

D'Europaparlament huet dat net matgemaach wat de Lëtzebuerger Stat et do wollt maachen dinn. Ech hat dat iwwregens schonn am Juni 2001 bei der Debatt hei virausgesot. An dat wat d'Regierung ons deemools hei erzielt huet war falsch, Här President, an och net seriö virbereet.

Ech hunn elo, wéi ech déi Dokumenter all gekuckt hunn, och constatéiert, datt d'Finanzkommissioun am Kader vun dësem Projet mam Generalsekretär vum Ausseministère, dem Här Georges Santer, geschwat huet an eben och iwwert d'Sëtzpolitik eng Aussprooch hat. Et goufen do eng Partie Froe beäntwert, déi ech schonn am Juni 2001 am Kontext vun der ganzer Classe de l'Europe opgeworf hat. Et bleiwen der allerdéngs nach eng Partie op, déi ech elo wëllt opwerfen a wou ech frou wär wann d'Regierung mer géif eng Äntwert dorobber ginn.

Éischtens eng Fro, déi mat dësem Projet natierlech beäntwert gëtt, ass, datt d'Europaparlament déi zwee Tierm besetze wëllt an net een, wéi dat am Juni 2001 hei vun der Madame Bauteminister gesot ginn ass. Ech hat deemools zweemol nogehaakt an d'Madame Hennicot hat deemools geäntwert, an ech zitéieren de Compte rendu, Säit 2273: „Op jidde Fall, fir d'Europaparlament ass déi Plaz, déi et brauch, virgesinn an engem Tuerm."

Ech hunn elo awer néierens gesinn an de Viraarbechten, och net an den Diskussiounen an der Kommissioun, firwat datt de Stat elo muss zwee Tierm lounen an net nëmmen een. Well schonns am Juni 2001 war bekannt, datt d'Europaparlament duerch d'Erweiderung méi Beamte kréich, an et war och bekannt, datt et ongeféier 400 Iwwersetzer an der Haaptsaach wären. Dobäi muss een och soen, wa mer iwwert d'Sëtzpolitik schwätzen, Här President, datt jo andauernd Beamte vu Lëtzebuerg no Bréissel ofgezu ginn, souwuel aus dem Europaparlament wéi och zum Deel aus der Kommissioun. Well all Kéier wann e President vum Europaparlament op Lëtzebuerg op Besuch kënnt, ass et fir d'Lëtzebuerger Regierung ze froen, fir weider Beamte vu Lëtzebuerg op Bréissel ze transferéieren.

Ech erënneren drun, wéi d'Madame Fontaine am Joer 2001 laanscht komm ass, huet d'Regierung kuerz duerno weider 99 Beamte vum Europaparlament op Bréissel zéie gelooss. An datselwecht ass elo erëm amgaangen. Dat musse mer och wëssen, besonnesch fir d'Europaparlament. D'Europaparlament wëllt nämlech déi eenzeg nach iergendwéi politesch interessant Generaldirektioun 4, Etudes et Recherches, déi et nach hei gëtt, vu Lëtzebuerg no Bréissel ofzéien. Dat sinn 174 Beamten, a fir dat méiglech ze maache soll déi Generaldirektioun opgeléist ginn an an d'Generaldirektioun 2 integréiert ginn. Ech hu constatéiert, datt och eminent Europadeputéierte vun de Majoritéitsfraktiounen, d'Madame Flesch an d'Madame Lulling, sech dogéint staark gemaach hunn. Dofir wollt ech dat hei och nach eng Kéier ënnersträichen.

Op jidde Fall, Här President, hätt ech gär wann d'Regierung ons géif soen, chiffres à l'appui, firwat mer entgéint hirer urspünglecher Absicht zwee amplaz een Tuerm musse lounen? Et wier also a mengen Aen eng wichteg Fro, well et muss een dat jo och am Kader vun der ganzer Bautepolitik an der Sëtzpolitik gesinn. Et geet Rieds an den Explikatioune vum Projet vu Bâtiments tampon, also Puffergebaier, déi ee kënnt gebrauchen, wann emol eng Kéier Nout um Mann wär en vue vun der Erweiderung. Et misst een ons dann awer soen, ëm wat fir Institutiounen et sech dobäi handelt. Handelt et sech zum Beispill ëm d'Kommissioun? Oder huet d'Kommissioun bis elo manifestéiert fir weider Gebaier ze kréien? Ech hunn net Kenntnis dovunner, well d'Kommissioun huet nach viru kuerzem gesot, de Bâtiment Jean Monnet géif duergoen.

D'europäesch Cour des Comptes baut selwer hir Gebaier um Kierchbierg. D'Cour de Justice huet effektiv Besoinen. Ass et da fir déi? Dat wär interessant ze wëssen. D'Banque Européenne d'Investissements ass och amgaange sech selwer ze vergréisseren an et wär also interessant ze wësse wéi déi gesamt Sëtzpolitik, wat de Bau ugeet, do steet, a wat een ënnert deene Bâtiments tampon versteet?

Eng weider Fro, Här President, ass déi vum Timing. Et gouf ons am Juni 2001 hei gesot, den neie Centre de conférences, also dee grousse Sall mat 1.000 Plazen, misst fir d'Présidence vun 2005 fäerdeg sinn. Dofir misst de Bâtiment-tour bis spéitstens 2003 eidel ginn. Et gouf ons och gesot, datt dësen Timing anzehale wär, an d'Madame Bauteminister hat och am Juni 2001 versprach ons de geneën Timing zoukommen ze loossen, fir datt d'Chamber ka gesi wéi dat soll oflafen, well dat ass jo eng extraordinär Vitesse, mat där de Stat hei géif op eemol rise Gebaier bauen.

Dat ass allerdéngs bis elo nach net geschitt. Ech liesen och elo am Bericht - an den Här Clement huet et jo éinescht gesot -, dass d'Regierung eng provisoresch Struktur an de Foirë virgesäit, fir d'Sëtzunge vum Ministerrot zu Lëtzebuerg ënner ze bréngen, während deem de Centre de conférences ëmgebaut gëtt.

Ech wär frou wann d'Regierung ons hei kloer an däitlech géif soen, ob si hiren Timing fir dee Centre de conférences anhale kann an ob dat bis 2005 fäerdeg gëtt. Well ech hunn dat ongutt Gefill, dass déi provisoresch Struktur och emol eng Kéier fir d'Présidence kéint hierhalen.

Eng drëtt Fro stellt sech och am Zesummenhang mam Bâtiment Schuman. Vläicht ass eng Erklärung - ech weess et net, mä d'Madame Minister kann ons dat soen -, dass d'Europaparlament déi zwee Tierm wëllt, dass de Bâtiment Schuman soll méi schnell fräi gi wéi dat geplangt ass, well bis elo ass nach ëmmer nëmme vum Bâtiment Schuman à moyen terme geschwat ginn, well dat jo dat Gebai ass, wat mer fir d'Nationalbibliothéik virgesinn, an dofir hunn ech mech gewonnert, dass vun deem Bâtiment Schuman iwwerhaapt keng Rieds géing.

Eng véiert Fro wollt ech och nach an dësem Zesummenhang iwwert deen neie Centre de conférences stellen. D'Regierung huet sech hoffentlech Gedanke gemaach, wéi een dee risegen Neibau, dee just dräi Méint am Joer wäert besat ginn duerch d'Sitzunge vum Conseil des Ministres, während dem Rescht vun der Zäit kann animéieren.

Här President, dat Gesetz, wat mer hei virun ons leien hunn, huet zwee Voleten. Den éischte Volet ass d'Locatioun, déi de Stat fir d'Europaparlament mécht. Den zweete Volet ass d'Autorisatioun fir d'Regierung déi Gebaier iergendwann ze kafen; ech soen iergendwann ze kafen. Dës Autorisatioun ass e Blankoscheck fir d'Regierung.

Mir kënne mat esou enger Prozedur, Här President, net d'accord sinn. Mir mengen dass d'Regierung, fir de Fall wou se dat Gebai wëllt kafen, misst erëm op en Neits virun d'Chamber kommen, fir déi Autorisatioun ze kréien. Mir mengen net dass d'Regierung kann an engem Gesetz fir d'Locatioun op eng Zäit X eraus eng Autorisatioun froen, fir e Gebai ze kafen.

An ech fannen dat och eigentlech an der augenblécklecher Situatioun net ganz glécklech. Well mir wëssen dass d'Präisser vum Bürosraum amgaang sinn zu Lëtzebuerg ze évoluéieren. Et fänkt un en trop plein vu Bürosraum ze ginn, a fir elo ze soen, de Plaffong fir de Präis fir den Achat vun deene Gebaier ass deen, dee mer am Gesetz festgesat hunn, entzéit der Regierung am Fong geholl eng ganz Partie Handlungsspillraum, fir dee Fall wou se dat eventuell eng Kéier wëllt kafen.

Aus deenen Ursaachen, Här President, souwuel wat déi Prozedur ugeet fir sech d'Autorisatioun, fir esou e Gebai ze kafen, op Jore viraus autoriséieren ze loossen, wéi och wat déi Onkloerheeten ugeet, déi an dësem Dossier am Zesummenhang souwuel mat deenen Tierm wéi och mat deem Centre de conférences an der Onkohärenz vun där ganzer Prozedur säit 2001, ass meng Fraktioun net d'accord fir dëse Projet ze stëmmen. Mir fannen dass een am Kader vun der Sëtzpolitik an och besonnesch vun der Bautepolitik, wat d'europäesch Institutiounen ugeet, méi Kloerheet soll schafen, méi wäit viraus plangen an dann och méi Kohärenz an deem Plangen un den Dag leeën, an dofir wäert meng Fraktioun géint dëse Projet stëmmen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter dem Ufank vum europäeschen Eenegungsprozess, viru méi wéi engem halwe Jorhonnert, hat d'Sëtzfro vun deenen eenzelnen Institutioune jo ëmmer nees Ulass zu Diskussioune ginn. Dobäi geet et un éischter Linn ëm déi verschidden Aarbechtsiten, och wann natierlech eenzelner duerch Vertrag festgeluecht sinn.

Et ass natierlech evident, datt mat der Implantatioun vun enger europäescher Institutioun an enger Stad, respektiv an engem Land, domadder och en héije Prestigewäert verbonnen ass. Déi bescht Beispiller si jo ënner anerem Stroossbuerg oder Bréissel, déi ouni Zweifel un Attraktivitéit gewonnen hunn, duerch eben d'Implantatiounen ënner anerem och vum Europaparlament.

Mä och Lëtzebuerg, muss ee soen, huet jo ouni Zweifel en zousätzleche Stellewäert krut, eben och duerch d'Implantatioun vun enger Rei vun europäeschen Institutiounen, respektiv Servicer, sief dat zum Beispill d'BEI, den Europäesche Rechnungshaff, den Office des Publications oder d'Cour européenne de Justice, fir nëmmen déi ze nennen. An dann däerf ech awer och net vergiessen, datt déi Bauten, déi Servicer, déi hei zu Lëtzebuerg implantéiert ginn, awer mat Sécherheet och e positiven Impakt op d'Ekonomie hei an eisem Land hunn.

Et ass och net ze verkennen, an et ass jo och schonn hei vum Här Fayot ugeschwat ginn, datt et natierlech ëmmer erëm Spannunge gi sinn zwëschent der Kommissioun engersäits an der Regierung anersäits, haaptsächlech ebe wat d'Ofbaue vun europäeschen Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg ubelaangt. An d'Kommissioun huet do och gewësse Virstellungen, déi jo och net ëmmer am Intérêt vun eisem Land sinn.

Mä ënner anerem hu jo awer och d'Gewerkschaften et fäerdeg bruecht, datt an deene leschte Jore quasi keng Plazen hei zu Lëtzebuerg ofgebaut gi sinn. Trotzdeem musse mer awer als Land ëmmer vigilant bleiwen, well jo awer den Drock ëmmer do ass, fir awer weider Aarbechtsplaze gegebenenfalls hei zu Lëtzebuerg ofzezéien.

Zënter e puer Deeg ass et jo och offiziell, datt mer awer 460 nei Aarbechtsplazen op Lëtzebuerg kréien. Dat jo ebe bedéngt duerch d'Ëmstrukturéierung vum Iwwersetzungsdéngscht, a mat där neier Direktioun A vun der Traductioun soll jo och u sech eng dauerhaft Presenz vun deem Service hei zu Lëtzebuerg garantéiert ginn.

Dat ass mat Sécherheet eng gutt Noriicht, an et soll een och hei d'Regierung fir hiert Verhandlungsgeschéck duerfir nach eng Kéier nodréiglech félicitéieren. Ech wëll vläicht hei just nach drun erënneren, datt et sech iwwregens beim Iwwersetzungsdéngscht vun der Kommissioun ëm ee vun deene Gréisste vun der Welt handelt. Jiddefalls konnt een dat mol an engem Artikel am Lëtzebuerger Wort noliesen, den 19. Juli 2002, wou de Generaldirekter Michel Van den Abeele gesot huet, datt 2001 zum Beispill 1.268.255 Säite produzéiert gi sinn, an datt dee ganzen Déngscht ronn 220 Milliounë kascht hätt; dat beweist also d'Envergure ouni Zweifel vun deem Iwwersetzungsdéngscht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch de Bau vun deenen zwee Immeublen, vun deenen Tierm, déi jo am Fong geholl haut den Objet vun deem Projet de loi sinn, wäert net nëmmen d'Silhouette um Kierchbierg sech veränneren, mä et kann een awer och soen, datt den europäesche Quartier do uewen um Kierchbierg weider zementéiert gëtt. Vum architektonesche Standpunkt hier kann ee roueg soen, datt et eng gelongen Investitioun ass, an datt dee Bau vun deenen Zwillingstierm och eng Beräicherung vum Kierchbierger Plateau ass. Et kann een elo, wéi gesot, als eng Zort Entréesdier zu dem Plateau och gesinn.

Bedéngt awer och duerch déi Gréisst vun deenen zwee Gebaier - si ëmfaasse jo ëmmerhin 19 Stäck - soll een awer och hei nach eng Kéier op de Sécherheetsaspekt hiweisen, dee jo ouni Zweifel net däerf négligéiert ginn. Am Hibléck op d'EU-Erweiderung, déi sech jo spéitstens den 1. Mee 2004 ganz grouss bemierkbar mécht - an et ass jo virdrun och schonn hei ugeschwat ginn -, ass et natierlech evident, datt mir als Land deem musse Rechnung droen, well an engem gudde Joer si mer, wéi gesot, zu 25, an nach kee kann ofgesi wéi wäit dass d'Europäesch Unioun sech och nach weider wäert entwéckelen.

Wa mir also wëllen als Land - an ech gi jo dovunner aus datt mer dat wëllen - um europäesche Plang weiderhin eng gutt Figur maachen, dann ass et och wichteg datt mer fir déi néideg Infrastrukturen hei zu Lëtzebuerg suergen. An dann däerf ee jo awer schlussendlech och net vergiessen - et ass schonn hei ënnerstrach ginn -, datt eist Land am Joer 2005 jo erëm eng Kéier d'Présidence iwwerhëlt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, natierlech ass dee Coût vun 13,5 Milliounen Euro d'Joer en héijen Ausgabepunkt, trotzdeem ass d'Demokratesch Partei allerdéngs der Meenung, dass dës Investitioun ouni Zweifel gerechtfäerdegt ass. D'Zukunft vun eisem Land kann nëmmen an engem vereenegten Europa leien, an dofir solle mir och weiderhin Ustrengungen als Land maachen, fir datt eben europäesch Verwaltungen hei zu Lëtzebuerg adequat Infrastrukture virfannen. A mat der Locatioun vun dësen zwee Tierm droe mer deem och ouni Zweifel Rechnung, onofhängeg dovun datt se, wéi gesot, och dozou déngen, fir an där Period, wou eben de Centre de conférences internationales renovéiert gëtt, eben deen Transfert vun de Beamten deementspriechend och ze erlaben.

Ech wëll ofschléissend dem Rapporteur Lucien Clement nach eng Kéier merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Bericht a brénge selbstverständlech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll uganks dem Kolleeg Lucien Clement merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, deen hien eis haut zu dësem Projet virgedroen huet, wat d'Locatioun respektiv d'Méiglechkeet vum Ukaaf vun deenen zwee Touren um Kierchbierg vum Lëtzebuerger Stat ubelaangt.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Ech mengen et stellt keen a Fro, dass mer als Lëtzebuerg, als ee vun deenen dräi Siten, wou déi europäesch Politik sech ofspillt, ons mussen en mesure setzen, fir dass, wann déi Europäesch Unioun elo déi Erweiderungen erlieft, mer dann och adequat Infrastrukturen hei zu Lëtzebuerg schafen, fir eben eiser Roll als eng vun den europäeschen Haaptstied och an Zukunft gerecht ze ginn.

Wat eis awer ze bedenke gëtt, dat ass d'Prozedur déi hei gewielt ginn ass, an där mer iwwert dëse Projet eis Zoustëmmung solle ginn, wat awer net vun eiser Säit aus geschéie wäert. Déi Prozedur déi hei gewielt ginn ass, ass eng déi mer an där doter Form am Prinzip net esou richteg hei kennen, wou de Stat am Fong zwee Gebaier a Locatioun hélt a sech dann d'Méiglechkeet gëtt, esou wéi et am Bail festgehale ginn ass, no sechs respektiv néng Joer déi Gebaier kafen ze kënnen.

Et stelle sech eng ganz Rei vu Froen, déi mer och bei dëser Geleeënheet un eis Ministesch stelle wëllen, an déi net aus dem Rapport ervirginn, och net aus dem Exposé des motifs ervirginn, zum Beispill: Wien ass de Propriétaire am Abléck vun deem Gebai? Mat weem mécht de Stat dee Contrat de bail? Wiem huet de Propriétéitsterrain, wou dat Gebai drop gebaut ginn ass, gehéiert a wien huet et haut an der Propriétéit? Et stellt sech d'Fro: Wéi ass de Marché ofgehandelt ginn? Mir si gewinnt, dass mer, wa mer öffentlech Gelder ausginn, iwwert d'Marché-publics-Gesetz fueren. Hei ass eng Méiglechkeet ge-

schafe gi fir dat Gesetz ze ëmgoen.

Wéi sinn d'Präisser gerechent ginn? Wéi sinn Devisë gefrot ginn? Wéi ass d'Selektioun getraff ginn? Wie war den Optraggeber? Wien huet d'Selektioun getraff, wat fir eng Entreprise déi Konstruktioun do kënnt bauen? D'Fro stellt sech doriwwer eraus wéi d'Loyere berechent gi sinn. Mir kennen hei am Land Bestëmmungen, wat d'Loyerspräisser ubelaangt. Mir wëssen, dass dat heiten enorm héich Loyerspräisser sinn, déi hei bezuelt ginn. D'Fro stellt sech: Wéi ass et mat enger Ofsécherung vun der Locatioun vun der europäescher Kommissioun oder dem Parlament, ob dat Gebai hei och wierklech gelount gëtt, ob et integral gelount gëtt?

Une voix.- Et misst eng schréftlech Zouso do leien.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et misst eng schréftlech Zouso do leien. Dat sinn also e ganze Koup Froen, déi sech bei dësem Projet stellen, wou den Exposé des motifs einfach keng Äntwerten drop gëtt. D'Fro stellt sech och, dass, wa mer wëssen dass mer elo ronn an ale Frange bal eng hallef Milliard d'Joer Loyer bezuelen an de Stat dann no sechs respektiv néng Joer dat Gebai kafe wëllt, de Stat dann nach quasi siwen, aacht Milliarden op den Dësch leeë muss fir et kafen ze kënnen: Sinn dat da Präisser, déi vun Ufank u vum Stat mat kontrolléiert gi sinn?

Mir mussen och wëssen, dass dat heiten eng zousätzlech verstoppte Schold ass, déi de Stat hei engagéiert, déi mer awer néirens als eng Schold opféieren. Mir bezuelen en héije Loyer, wou mer also déi zukünfteg Budgeten domat engagéieren, mä mir soen net dass dat eng Schold ass, déi de Stat am Fong hei engagéiert huet. Mir wëssen och net a wat fir enge Fongen d'Regierung déi Kreditter virgesinn huet fir eventuell no sechs respektiv néng Joer dat Gebai do kafen ze kënnen. Et ass also eng Virwëtztut, déi mer hei stëmmen.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Déi Décisioun muss jo eréischt geholl ginn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, mä...

M. Lucien Clement *(CSV).*- Hei ass jo just d'Méiglechkeet opgefouert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Hei gi mer der Regierung d'Méiglechkeet fir dat ze maachen, duerfir musse mer och froen, wou d'Regierung dann déi Sue géif hierhuelen, wa se dat géif maachen. Et sinn op jidde Fall bis elo keng Fongen, esou wäit wéi mer bis elo d'Fonge kennen, virgesi fir déi doten Investitiounen ze maachen. Et sinn also eng ganz Rëtsch vu Froen, déi sech hei stellen a fir déi mer keng Explicatiounen an de Rapporte fannen, a mir hunn och bis elo keng gehéiert. Mir wieren dofir frou, wann d'Madame Minister eis kéint Äntwerten op all déi Froen do ginn. Op jidde Fall kann eis Fraktioun hir Zoustëmmung ouni zoutreffend a kloer Äntwerten zu dësem Projet net bréngen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Ministesch vun den öffentleche Bauten, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, ech sinn eigentlech net de Gespréichspartner vun der Finanzkommissioun, mä ech sinn hei a Vertriedung vun deemselwechten. Et ass vläicht bei dëser Debatt och justifiéiert, well de Bauteminister an de Bauteministère hu jo mat all deene Froe vum Siège vun den europäesche Gemeinschaftsinstitutiounen onheemlech vill ze dinn. Et ass e komplexen Dossier. Ech hunn eigentlech bedauert, dass mer net d'Geleeënheet hate fir an der Kommissioun op verschidde Froen am Virfeld ze äntwerten, an dat mat den Expäre ronderëm.

Ech weess, dass d'Politique du siège d'Politik vum Statsminister ass. Et ass Chefsache. Et ass un éischter Plaz Chefsache, dofir wäert ech mech hidde fir mech an déi Politik eran ze beginn. Ech si just confrontéiert mat dem Besoin u Gebaier, an do ass dann natierlech de Bauteminister gefuerdert. Kuerzfristeg muss ech soen, well allze vill Plangen hate mer net do leie wéi ech 1999 an dee Ministère komm sinn. Et huet sech also erginn, dass déi ganz Politique du siège zesummenhänkt mat der Bereetstellung vun Infrastrukture fir déi jeeweileg europäesch Partner. Ech wëll direkt am Virfeld op dat agoen, wat hei esou ënnerschwelleg an de Raum gestallt gëtt. Déi lescht Interventiounsriedner hu sech jo duerchaus bekannt zu den europäeschen Institutiounen, mä awer d'Fro vum Käschtepunkt a vum Loyer a vun all deene Froen, déi ronderëm sinn, opgeworf. Ech mengen, alles huet säi Präis, an eng Politique du siège huet och fir Lëtzebuerg hire Präis a Käschtepunkt. Dat musse mer wëssen.

Wann a puncto Loyer den Dossier net méi hiergëtt wéi am Exposé des motifs steet, dann ass dat ganz bestëmmt aus emol engem Grond, deen ech perséinlech kennen, dat ass dass mer stänneg amgaange si mat deenen Institutiounen ze verhandelen an dass mer jo iergendwann och hoffen, dass se de Loyer selwer bezuelen. Dat emol gesot, ass natierlech den Zäitpunkt elo fir mech net ginn, fir do méi bindend Aussoen ze maachen a fir vun deene Verhandlungen, ier se definitiv ofgeschloss sinn, ze schwätzen, well mir hunn elo e bëssen d'Fro gestallt vun allen Institutiounen, woubäi et jo och nach Ënnerscheeder gëtt tëschent deenen engen an deenen aneren.

Ech hu bei deene finanzielle Froen et vläicht am léifsten, wann d'Finanzkommissioun sech un de Finanzminister wennt fir déi dote Froe mat him ze klären. Wat all déi Froen ugeet, déi den Här Fayot opgeworf huet, esou wäert ech mer elo Méi gi fir aus deem ganze Puzzle, deen dat jo um Kierchbierg duerstellt, eenegermoosse kloer Äntwerten drop ze ginn.

De Centre de conférences ass gestëmmt ginn am Joer 2001 a mir hunn nach ëmmer d'Perspektiv fir 2005 mat dësem Bau fäerdeg ze sinn. Dir wësst dass, wann een amgaangen ass ze bauen a soubal ee seet mir ginn net fäerdeg, jiddfereen noléisst. Mir halen de Kapp fir 2005. Mir ginn eis all Méi fir mat deem Gebai do fäerdeg ze ginn, fir dee Moment de Konferenzen, déi mer am Kader vun eiser Présidence hunn, déi néideg Lokalitéite kënnen zur Verfügung ze stellen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

D'Erneierung vum Centre de conférences bedingt, dass mer en Deel vum Europaparlament mussen transferéieren.

De grousse Projet fir d'Europaparlament war deen, dass mer d'Gebai Konrad Adenauer géifen ausbauen. Mir sinn och do mam Europaparlament zu enger Konklusioun komm, dat heescht mir hunn e konkrete Projet fir dat Gebai auszebauen, an dee Projet ass amgaangen ausgeschafft ze ginn, mä mir brauchen awer eng Zwëscheléisung. De Punkt ass nun emol deen, dass d'Europaparlament eis 28.000 m² gefrot huet. Dat ass fir dat wat bäikënnt plus dat wat am Centre de conférences am Tuerm muss libéréiert ginn. Ergo brauche mer dofir déi zwee Tierm.

Wann hei Mëssverständnisser sinn duerch eng Ausso, déi ech sollt gemaach hunn, wann déi an deem Ablack net richteg war, da rectifizéieren ech dat. Mir hunn an dësem Ablack 28.000 m² gefrot kritt. Mir hunn dofir déi Léisung mat deenen zwee Tierm virgesinn, déi zwee Tierm, wou deen een der Société Giorgetti gehéiert an deen aneren enger Sociétéit, déi Vazon heescht. De Stat ass mat deene Sociétéiten a Verhandlung fir eng Mise à disposition ze kréien. Mir hu gesinn, déi Tierm si relativ séier gebaut ginn, esou séier hätt de Stat ganz sécher net gebaut, a mir hunn nun eemol eng Méiglechkeet fir um Site vum Kierchbierg a vun der Place de l'Europe dem Europaparlament dat zur Verfügung ze stellen, wou et och zefridden dermat ass, a wou mer kënnen - dat wat den Här Fayot richtegerweis Bâtiment tampon genannt huet - domat eng Zäit iwwerbrécken.

Wat d'Cour de Justice ugeet, do wäert an dësen Deeg de Chantier ugoen, a mer wäerten och do eng Iwwergangszäit musse virgesinn, well mer mat deenen Tierm eréischt kënnen ufänken, wann de Laboratoire vun der Kommissioun transferéiert ass. Dee gëtt transferéiert an e Gebai wat sech op der Kockelscheier befënnt, a mer kënnen dann definitiv mat dem Bau vun deenen Tierm, déi fir d'Cour de Justice virgesi sinn, ufänken. Dofir elo déi Zwëscheléisung fir provisoresch déi Gebaier um Boulevard Konrad Adenauer derbäi ze setzen, fir déi néideg Raimlechkeete fir d'Besoine vun de Jugen ze hunn.

Dat alles muss an engem kuerzen Zäitraum geschéien, an do ass esouwuel de Fonds du Kirchberg wéi och de Bauteministère amgaang äifereg drun ze schaffe fir d'Délaie kënnen anzehalen.

Wat elo de Centre de conférences ugeet, do hu mer natierlech eng Iwwergangsléisung misse siche fir déi Conseilen, déi am Hierscht vun dësem Joer hei zu Lëtzebuerg solle stattfannen. Déi Iwwergangsléisung, déi soll am jëtzege Foiresgebai an Zesummenaarbecht mat der Foire fir déi Sitzunge stattfannen, fir dass mer och do net a Gefor kommen, dass mer eng Kéier ee Conseil net kënnen hébergéieren.

Wat elo de Bâtiment Robert Schuman ugeet, huet den Här Fayot gemengt, ob déi Tierm eventuell domat ze dinn hätten. Dat ass net de Fall. De Bâtiment Schuman, dee soll besat bleiwe vum Europaparlament bis den Ausbau vum BAK fäerdeg ass. Mir rechnen, dass dat ongeféier am Joer 2007 ass. Mir lancéieren awer elo schonn de Projet de concours d'architectes fir de Bâtiment Robert Schuman an eng nei Nationalbibliothéik ëmzewandelen, fir dass mer an deem Ablack, wou d'Parlament dëst Gebai fräi mécht, dann och kënnen direkt mat den Aarbechten ufänken.

Dat gesot, ass bei där doter Analys keng Referenz op d'Kommissioun gemaach, well och d'Kommissioun huet Projeten hei zu Lëtzebuerg. Do ass dann nach ëmmer de Bâtiment Jean Monnet, deen och op deem dote Site zur Verfügung ass. Et ass also an enger Hisiicht eng komplizéiert Operatioun, déi sech awer dans l'ordre mécht, well jiddferee sech d'Méi gëtt de gréisseren Intérêt vun der Saach ze gesinn, an de gréissten Intérêt vun der Saach, dat ass leschten Enns deen, dass mer, wéi jo hei all d'Deputéierte betount hunn, eng Politique du siège maachen, déi eng authentesch Entwécklungspolitik vu Lëtzebuerg ass, well mer wëssen, mer kréien domat Aarbechtsplazen op Lëtzebuerg, mer kréien domat Leit heihinner déi consomméieren, a mir hunn dofir och Interessen ze investéieren, fir déi Leit hei ze halen a fir se zefridden ze stellen.

Wann elo gemengt gëtt, déi Operatioun déi wär vum Finanztechneschen hier net ganz an der Rei, do mengen ech, mir froen hei d'Autorisatioun vun der Chamber fir gewëssermoossen eng Location-vente ze maachen. Mir wëssen, dass loune fir de Stat ëmmer eng Operatioun ass déi deier ass, dass de Stat wéineg Propriétaire ass vu Gebaier, dass ganz oft Ministèren a gelounte Gebaier sëtzen an dass am Fong d'Politik, déi de Minister Frieden an där doter Bezéiung gemaach huet, déi éischter war ze kafe wéi ze lounen. Dofir ass och hei déi Perspektiv an d'A gafaasst. Wa mer elo een deiere Loyer mussen dofir bezuelen, solle mer eis dann net och d'Optioun oploosse fir dat ze kafen.

Et ass awer allerdings au vu vun der Evolutioun vun de Bürosraim, déi zur Verfügung sinn, déi net besat sinn, eng richteg Iwwerleeung fir virsiichteg an där doter Bezéiung ze sinn a fir net onbedingt direkt dann d'Optioun vum Kaf ze huelen. Dat ass jo och net esou hei am Projet de loi virgesinn, well et ass jo expressis verbis vum Rapporteur, deem ech och nach wëll hei merci soe fir seng gutt Aarbecht, gesot ginn, dass och d'Regierung nach eng Kéier misst déi Décisioun fir ze kafe confirméieren, esou dass hei d'Chamber eng Autorisatioun gëtt fir ze lounen, woubäi natierlech de Montant dee vun engem Contrat de location ouni Gesetz jo iwwersteigt, an dat och de Sënn vun dësem Projet de loi war.

Här President, ech sinn awer gär bereet, a wann ech dat sollt net gemaach hu wat ech versprach hat beim Vote vun dem Centre de conférences vun der Cour de Justice, fir an d'Kommissioun ze komme mat de Pläng a mat den Expären derbäi, fir nach eng Kéier der Chamber Opschloss ze ginn iwwert déi dote komplizéiert Operatiounen, déi um Kirchbierg stattfannen, wat och méi wéi een Interlocuteur fuerdert, an dofir ass jo och dee Comité de coordination regelméisseg zesummen, wou den Ausseministère mat dran ass, de Finanzministère, de Bauteministère an och de Fong vum Kirchbierg.

Ech géif net gären héieren, dass mer eng Politik vun Onkohärenz oder vun dem Onklore géife maachen. Et ass eng komplizéiert Operatioun, Här Fayot, Dir wësst dat, an ech denken dass och hei d'Regierung keen Intérêt drun huet fir mat hirem Wëssen hannert dem Bierg ze halen. All déi Froen, déi Dir vläicht elo nach net vu mir zefriddenstellend beäntwert kritt hutt, kann ech lech ganz gären an enger Kommissiounssitzung vun der Chamber beäntweren. Ech wär natierlech frou, wann d'Chamber dëse Projet géif stëmmen, well et ass fir eis wichteg ze wëssen, dass mer fir d'Parlament déi Offer kënne maachen, well déi Leit déi gi jo ongedëlleg. Déi Leit, déi héiere vu ville Projeten. Et dauert laang ier de Chantier ugeet. Heiansdo si se och net ëmmer gutt informéiert iwwert dat wat bei eis leeft, an da kënnt op eemol Opreegung sur la place publique op, déi eigentlech net néideg ass, wann een den Dossier vu sengem Hannergrond hier kennt a wann ee weess, wéi nun emol dat eent an dat anert agräift. De Vote vun der Chamber haut huet an där Bezéiung och eng Signalwierkung an ech soe merci fir e positive Vote.

M. le Président.- Den Här Fayot freet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, kann ech vläicht just an enger Fro nohaken?

***(Assentiment)***

Hu mer en Accord écrit, eng Konventioun mam Europaparlament, dass se déi Tierm do huelen, a wësse mer schonn ongeféier wat mer als Loyer erëmkréien, well mir strecke jo de Loyer vir an d'Europaparlament bezilt ons de Loyer erëm?

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här Fayot, de Bauteministère schléisst keng Accorde mam Europaparlament an deem Sënn of. Ech kann Iech op déi do Fro keng Äntwert ginn an Iech net jo an net nee soen. Ech géif dat léiwer nopréifen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5017 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo iwwert dee virleiende Gesetzesprojet of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5017 ass ugeholl mat 38 Jo- an 18 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nelly Stein);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Lucien Lux), Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung, d'Diskussioun iwwert d'Chamberskonte vum Joer 2001. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Stendebach a Greisen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorablen Här Camille Gira.

## 9. 5087 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2001

***Rapport de la Commission des Comptes***

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Konte vun 2001 vun der Chamber si selbstverständlech och déi éischt, déi an Euro sinn, eng Ursaach weider fir mech fir Iech net mat Dosende vun Zuele bis zwou Stellen hannert dem Komma an Cents hei ze belästegen. Dofir am Schnellduerchgank dat wat mer 2001 hei erakritt an ausginn hunn. Mir leien och gutt am Timing wat d'Presentatioun vun dëse Konten ubelaangt. Dofir wëllt ech de Leit aus dem Kontabilitéitsservice häerzlech merci soen, mä net nëmmen dofir, och fir déi gutt Aarbecht

déi se iwwert d'ganzt Joer leeschten. Ëmmerhin ass et e relativ substanzielle Budget, dee se hei mussen zu relativ wéinege Leit géréieren. Dofir merci villmools, an och merci fir d'Redaktioun vun dësem Rapport.

Déi Konte ginn normalerweis an zwee Dokumenter presentéiert, eng Kéier de Bilan an eng Kéier de Kont.

Beim Bilan halen ech mech relativ kuerz fir Iech just ze soen, dass mer op den 31. Dezember 2001 esouwuel am Aktiv wéi am Passiv e Montant vu 4.518.736,51 Euro stoen hunn, an dass mer op den 31. Dezember 2001 nach Leasingskontrakter mat engem Montant vu 487.798,36 Euro lafen haten. Wat elo de Kont vun de Revenuen an de Chargen ubelaangt, vläicht ganz kuerz, an dann hutt Der d'Haaptdonnéeën eigentlech vun de Konten. D'Gréissenuerdnung bei de Revenuen, d'Crédits budgétaires 21.646.442 Euro, wéineger e Kredit dee schonn am Budget 2000 ageschriwwe war vu 402.187,00 Euro.

Mir hu relativ vill Zënse kritt, well mer déi Budgetskreditter relativ fréi kréien, och nach Reschter vum leschte Joer an deene Jore virdrun haten. Dat sinn ëmmerhin 515.074,71 Euro, e puer kleng Recettë vun 2.762,77 a Produits exceptionnels vun 13.427,46. Dat mécht een Total vun de Revenuen: 21.775.519,94 Euro.

Bei de Chargen, Charges se rapportant à l'exercice: 20.757.751,49; Charges exceptionnelles: 78.703,21; Total des Charges: 20.836.454,70, wat dann zu där glécklecher Situatioun féiert, dass mer um Enn vum Joer en Excédent de revenus sur les charges hu vun 939.065,24 Euro.

Wat ëmmer ganz spannend ass, dat sinn natierlech déi jeeweileg Tableaux comparatifs iwwert d'Exercicer op där enger Säit, op där anerer Säit awer och den Tableau deen de Budget vergläicht mat deem wat mer schlussendlech ausginn hunn, an ech menge scho kënnen am Virfeld ze soen, dass mer relativ propper do sti wat déi zwee Tableauen ubelaangt, dass mer net iwwerméisseg vill Geld hei ewech ginn, an, ech kommen och nach drop, esouguer manner wéi mer eigentlech hätten däerfen a kënnen ewech ginn.

Wat d'Evolutioun vun den Dépensen ubelaangt, kann ee feststellen, dass den Exercice 2001 par rapport zu deem vun 2000 ëm 4,17% an d'Luucht geet, wat, mengen ech, net aussergewéinlech vill ass, wann een d'Inflatioun mat arechent a gewëssen Décisiounen, déi aner Leit geholl hu fir eis a wou mer eis musse laut der legaler Situatioun, wou mer dra sinn, upassen.

Wat awer ganz spannend ass, dat ass eigentlech den Tableau, wann ee vergläicht wat de Budget war an d'Fräe vun 2001. Do hu mer nämlech 5,24% manner ausgi wéi dat wat am Budget steet. Mir fannen et als Kommissioun ganz positiv, dass et fäerdegbruecht gëtt an deem Betrib hei dës Sue gutt ze géréieren. Mir hunn och doriwwer diskutéiert, hunn och gesot kritt, dass Efforten do gemaach gi sinn, besonnesch an deenen extrem voluminöse Budgeten déi mer hei hu wat d'Informatik insgesamt ubelaangt. Déi kënnt Der och an de Konten zréckfannen, dass do endlech emol méi systematesch vum Bureau aus d'Gesetz vun der Konkurrenz spille gelooss gëtt, dass mer eis net nëmme méi mat engem Partner aloosse wat d'Kontrakter ubelaangt an där ganzer Informatik, an dat gesäit ee spierbar an de Konten. Et gesäit een et och spierbar an de Budgeten. Mir kënnen de Bureau eigentlech nëmmen als Kontekommissioun encouragéieren op deem do Wee weider ze fueren, dass ee wierklech systematesch, dat wat mer och ëmmer vun der Regierung erwaarden, dat wat mer wëssen aus de Gemengen, dass et muss applizéiert ginn, dass mer dat awer och wierklech hei an der Chamber applizéieren, a mir plädéieren dofir fir op de Wee ze goen, dass all déi Suen, déi mer kënnen an deem Beräich aspueren, dass wa se sollten anzwousch agesat ginn, dass se da sollen a mënschlech Software agesat ginn, dass mer wierklech nach solle Leit astellen an deem Betrib hei. Ech mengen, et sinn Diskussiounen iwwert de ganzen europäesche Volet, wou mer alleguerte wëssen dass mer meeschtens den Evolutiounen hannendru lafen. Also, wann hei kënne Suen dégagéiert ginn am technesche Beräich, da plädéiert d'Kontekommissioun op jidde Fall dofir, fir an d'Richtung ze goe fir méi Leit anzestellen.

Ech erspueren Iech dann déi Dosenden, déi honnerte vun Zuelen. Ech géing ganz kuerz just fir déi eenzel Beräicher d'Totaler soen, a vläicht deen een oder aneren interessanten Aspekt.

D'Sektioun A, dat sinn d'Deputéierten. Dat sinn am Ganzen Dépensë vun 8.130.986,51. Do gëtt et net vill dozou ze soen, wéi dass fir eis och, glécklecherweis muss ee soen, den Accord salarial spillt. Dat hei ass nach ee vun engem Prozent. An deene Joren duerno wäert natierlech och dee vun 1,6% spillen. Et ass awer och esou, dass de Congé politique fir déi Onofhängeg e bëssen anescht formuléiert ginn ass, dass nämlech ab Januar 2000 net nëmmen dat Duebelt vum Mindestloun bezuelt gëtt, mä dat Véierfacht vum Mindestloun, wat sech natierlech och an den Dépensen hei erëmspigelt.

D'Sektioun B, Institutions parlementaires internationales, do si mer relativ bescheiden, hunn ech d'Gefill, wat eis Presenz um internationale Parquet ubelaangt, well mat 483.749,23 Euro fir déi sëllegen Institutiounen, mengen ech, mécht eigentlech kee schrecklech grouss Spréng.

D'Sektioun C, Groupes politiques, näischt Aussergewéinleches fir 2001 ze vermelden. Dat sinn 1.510.384,37. Ausser dem Accord salarial, deen natierlech och fir d'Mataarbechter matspillt, ass och do net schrecklech vill ze vermelden.

D'Sektioun D, Personnel: 3.448.150,93. Do spillt selbstverständlech och den Accord salarial. Ech wëll nach eng Kéier widderhuelen, dass mer am Ganzen e Kader hu vu 47 Fonctionnairen, de Greffier, de Greffier adjoint, 10 Employéen an der Carrière supérieure, 25 an der Carrière moyenne an 10 an der Carrière inférieure. Och dofir, fir ëmmer erëm ze betounen, dass mir fannen dass dat eigentlech relativ wéineg Personal ass, an dass et eigentlech machbar ass mat deem wéinege Personal iwwert d'ganzt Joer relativ vill an och ganz gutt Aarbecht ze maachen. Hei ass awer festzestellen, dass mer während dem Joer 2001 fënnef nei Leit agestallt hunn.

D'Sektioun E, Administratioun: 5.392.298,19. Do kënnt Der am Detail noliese wéi lues a lues eng Ëmcharge vun dem Pabeier op d'Elektronik geschitt. Déi Budgetsposten, wou gedréckt a wou verschéckt ginn ass, gi lues a lues erof, fir bal op Null ze goen. Op där anerer Säit geet natierlech de Courrier électronique wesentlech an d'Luucht, an et ass eben och, wann een hei de Budget kuckt an effektiv deelweis d'Dépensen, wou Dank dem Asaz vum Greffe an dem spille vun der Konkurrenz et méiglech ass, substanziell Zommen anzesetze vis-à-vis vun anere Joren. Wéi gesot, mir kënnen dat nëmme begréissen an ënnerstëtzen, fir konsequent an déi Richtung weider ze goen.

Schlussendlech d'Sektioun F, Compte rendu: 1.870.885,47. Och do fänkt déi Ëmschichtung u vum Compte rendu, a mir krute confirméiert dass dat machbar ass, dass mer eng Kéier zum Präis vum ale Compte rendu kënnen déi nei Form vu Compte rendu plus de Fernseh bezuelen. Mir appréciéieren dat an hoffen, dass déi Verspriechen och kënne gehale ginn.

Da komme mer schonn zu de Konklusiounen. Nodeem mer dës Konten analyséiert hunn ass d'Kommissioun unanime zur Konklusioun komm, dass mer se kënne stëmme well se an der Rei sinn.

Mir hunn och de Rapport vum Réviseur d'entreprise, hei ass nach vläicht e klengen Tippfeeler am Rapport, deen ass sécherlech net de 4. Juli 2001 erstallt ginn, mä de 4. Juli 2002. Ech mengen net, dass déi Leit och hellseherech Fäegkeeten haten, mä se hunn de 4. Juli 2002 confirméiert, dass während dem Exercice 2001 alles korrekt ofgelaf ass. Sou dass ech Iech, Här President, an all de Kolleege recommandéieren dës Konten ze stëmmen.

Mä schlussendlech awer och déi Resolutioun, déi mer ëmmer zum Schluss folgendermoosse formuléieren: „La Chambre des Députés, vu le rapport de sa commission des comptes, approuve les comptes de l'exercice 2001 et prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la commission des comptes à la Cour des comptes pour y être enregistré."

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Nico Loes.

***Discussion générale***

M. Nico Loes *(CSV)*.- Jo, Här President, ech géif am Numm vu menger Fraktioun dem Rapporteur merci soe fir déi gewëssenhaft Aarbecht déi e beim Rapport gemaach huet. Ech géif och am Numm vu menger Fraktioun dem Greffe an de Servicer hei vun der Chamber merci soe fir déi gewëssenhaft Aarbecht bei der Opstellung vun de Konten, déi jo, sou wéi de Rapporteur et gesot huet, vun der Fiduciaire kontrolléiert goufen an och bei eis an der Kommissioun duerchforscht gi sinn.

Hien huet op verschidde Punkten higewisen, notamment wat d'Informatik ubelaangt, datt do d'Ausgaben elo méi strukturéiert sinn, datt do och Demandes de prix gemaach ginn, an ech géif och hoffen datt mer an Zukunft, wou mer eis den Akzent jo ëmmer méi op d'Informatik leeën, och do kucken datt d'Präisser eis net fortlafen. An an deem Sënn, wéi gesot, géif ech de Leit nach eng Kéier merci soen an dann den Accord gi vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, d'Konte vun der Chamber sinn eng Geleeënheet fir an öffentlecher Sitzung iwwert den interne Fonctionnement vun der Chamber ze schwätzen. Ech wëll uganks am Numm vu menger Fraktioun soen, datt d'Manéier, wéi eis d'Konten hei an der Chamber gefouert ginn, rigouréis a kloer ass, an et muss een déi Fonctionnairen, déi dofir responsabel sinn, félicitéieren.

Mir begréissen och den ausgezeechnete Bericht vum Här Gira, dee sech lues a lues zu engem Spezialist vun de Konte vun der Chamber entwéckelt, a mir wäerte selbstverständlech och déi Resolutioun matstëmmen.

Ech mengen et ass besonnesch wichteg…

***(Interruptions diverses)***

Dat soll keng Floskel sinn, Här President, ech mengen et ass besonnesch wichteg, dass alles wat mat Suen a mat Politik ze dinn huet, dass dat absolut kloer an transparent an novollzéibar ass, well d'Crédibilitéit an de Renom vun der Chamber hänken dovunner of.

Erlaabt mer wéi all Jores e puer Eenzelheeten ervirzesträichen, déi mer ganz besonnesch um Häerz leien. Déi éischt, dat ass dass mir am Joer 2001 fir d'éischt an onsem Budget e Kredit hate fir den Deputéierten ze erlaben, niewent den normalen internationalen Institutiounen, och un internationale Kongresser, Séminairen a Réuniounen deel ze huelen, déi vun hire respektive politesche Familljen organiséiert ginn, oder och a Réuniounen déi elo net direkt mat deenen internationalen Institutiounen ze dinn hunn, an deene mer Member sinn.

Ech mengen dëst ass eng Méiglechkeet fir d'Deputéierten international present ze sinn, sief et a Réunioune mam Europaparlament, sief et an der Participatioun u Séminairen oder u Symposien. An ech mengen déi Presenz vun onsen nationalen Deputéierten ass an enger Zäit, wou déi national Dimensioun an déi international Dimensioun ëmmer méi zesumme kommen, eng wichteg Saach.

Zweet Remarque. Am Joer 2001, ganz genee de 4. Dezember 2001, huet d'Chambertëlevisioun ugefaangen an an de Konte vun 2001 sinn dann och déi Fräe fir déi Operatioun abegraff. An ech mengen et ass un de Bierger ze soen, ob dat eng gutt Operatioun ass oder net. Op jidde Fall, mengen ech, kënnt d'Chamber net dolaanscht, fir déi Installatiounen ze valoriséieren a sech eng Kommunikatiounsstrategie ze ginn. Déi huet se bis elo nach net, an ech mengen déi Kommunikatiounsstrategie muss méi wäit goe wéi just nëmme Plénièren auszestrahlen.

Ech menge schonn, dass d'Chambertëlevisioun dozou bäidroe kann, niewent den öffentleche Sitzungen, den Interesse fir d'Politik ënnert der Bevölkerung ze vergréisseren. Zum Beispill duerch d'Retransmissioun vun Hearingen, virausgesat natierlech dass déi Hearinge gutt organiséiert sinn an natierlech och informativ sinn. An ech ginn et net op fir nach an dëser Legislatur dofir ze plädéieren, an ech hoffen och eng Kéier d'Majoritéit, d'CSV an d'DP, vun der Nëtzlechkeet dovunner ze iwwerzeegen.

Drëtt Remarque. Wat onse Site Internet ugeet, Här President, ass et fir mech e ganz wichtegt Instrument vu politescher Diskussioun an och vu politescher Informatioun. Dëse Site huet sech mat der Zäit ganz vill verbessert, munches ass nach ze verbesseren, ech denke ganz besonnesch un déi Partie déi fir d'Utilisateuren dobaussen op ass. Dee Site ass eng riseg Datebank, mä déi Datebank notzt natierlech näischt wann ee sech net dran erëm fënnt.

Eng Recherche avancée zum Beispill ënnert dem Portail documentaire ass nach ëmmer relativ komplizéiert, an eng vun den Ursaachen dovunner - ech wollt dat och soen, an do gesitt der wéi alles dat zesummenhänkt - ass zum Beispill dat éiwegt Wiessele vun de Kommissiounen an onser Chamber vu Legislatur zu Legislatur. Dir hutt, wann Dir dee Portail documentaire kuckt, eng riseg Lëscht vu Kommissiounen, well eis Kommissiounen all Kéiers mat all neier Koalitioun änneren. An ech mengen dass ee sech doriwwer och Gedanke muss maachen, mir hunn dat jo an der Reglementskommissioun gemaach, fir sech emol eng Kéier méi definitiv Kommissiounsstrukturen ze ginn. An ech ka mer och virstellen dass een, wat den Internetsite ugeet, eng interaktiv Partie géif dropsetzen, déi de Kontakt mam Bierger encouragéiere géif.

Véiert Remarque, iwwert d'Personal. Déi parlamentaresch Institutioun huet sech an de leschten zéng, 15, 20 Joer vill geännert. Déi parlamentaresch Aktivitéit vun den Deputéierten ass méi professionell ginn. Et steet dem Deputéierte méi Personal zur Verfügung, souwuel an de Fraktioune wéi an der Chamber selwer.

D'Personal an de Fraktiounen huet eng méi politesch Funktioun, d'Personal an der Chamber huet eng méi technesch, eng méi administrativ Funktioun, mä déi zwou Zorte Personal si keng Konkurrenten, si schaffen an därselwechter Institutioun an hiert Zil muss sinn déi Institutioun Chamber staark an incontournabel ze maachen.

An dofir si mir an eiser Fraktioun der Meenung, dass een Deputéierten zum Beispill och emol e Fraktiounsmataarbechter an eng Kommissiounssitzung mathuele kann. A souwisou si mer der Meenung, dass d'Kommissiounsitzungen, déi meescht op jidde Fall, sollen öffentlech sinn; an dat ass och erëm eng Kéier besonnesch am Fall vun den Hearingen.

Fënneft Remarque. D'Efficacitéit vun der Kommissiounsaarbecht, eigentlech d'Häerzstéck vun der parlamentarescher Aarbecht, steet a fält mat de Collaborateuren déi den Deputéierten ëmginn. Ech bleiwe bei der Meenung, dass mer an der Chamber ze vill Kommissiounen hunn an net genuch Cadres supérieurs déi d'Kommissiounsaarbecht encadréieren.

2001 hate mer der zéng, et sinn der an der Zwëschenzäit e puer méi dobäi komm. Mat 19 Kommissiounen, dat si bal zwou Kommissiounen op de Kapp fir e Cadre supérieur, a mir menge mir missten do zwou Richtungen aschloen, manner Kommissiounen, méi permanent Kommissiounen déi iwwert d'Legislatur eraus bleiwen, well eng Institutioun, déi sech als déi éischt vum Land versteet, muss sech staark intern Strukture ginn, an dat sinn déi permanent Kommissiounen déi iwwert déi parteipolitesch Ännerunge vu Koalitioun zu Koalitioun ewech bestoe bleiwen a sech behaapten.

An doniewent bleift och déi europäesch Erausfuerderung, déi ëmmer méi grouss gëtt, an enger Zäit wou ëmmer méi vun der Roll vun den Nationalparlamenter am europäeschen Décisiounsprozess geschwat gëtt. A wann d'Chamber net nëmme wëll eng „Chambre d'enregistrement" si fir europäesch Gesetzer, muss se sech selwer dokumentéieren, muss se selwer den Tri maache vun deem wat politesch wichteg ass, a sech hir eege Meenung zu de politeschen Décisiounen an Europa bilden. An dofir brauche mer menger Ansicht no och déi gëeegent Mataarbechter, souwuel an der Chamber wéi och an de Fraktiounen. Här President, mat deene puer Remarquë wollt ech selbstverständlech nach den Accord vun onser Fraktioun zu de Konte vun dem Joer 2001 bréngen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Théo Stendebach agedroen. Den Här Stendebach huet d'Wuert.

M. Théo Stendebach *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Demokratescher Partei erlaabt mer heimat dem honorablen Här Camille Gira ze félicitéieren a merci ze soe fir säin excellente mëndlechen a schréftleche Bericht bezunn op d'Konte vun 2001. Déiselwecht Wierder an deem Sënn si geriicht un d'Madame Ginette Biasini an hir Mataarbechter, deenen hir prezis Aarbecht vun der Fiduciaire affirméiert gouf.

D'Missioun vun der Kontekommissioun gëtt definéiert am Artikel 155 vum Chamberreglement, a laut Artikel 155, Ofsaz 1, ass d'Vérificatioun, wat d'Kontabilitéit vun de Fonge vun der Chamber ubelaangt, fir all Sessioun enger Spezialkommissioun, genannt Com-

mission des Comptes, uvertraut. Dës Kommissioun ass ënnerstëtzt vun engem Revisor, dee jährlech vum Büro bestëmmt gëtt. Opgrond vun dëser Kommissioun hirem Rapport erkennt d'Chamber laut Artikel 155, Ofsaz 4, d'Richtegkeet vum Kont un. Dësen Entscheed gëtt der Cour des Comptes zougestallt, fir enregistréiert ze ginn. An deem Sënn hunn d'Chamberskonte vun 2001 der Demokratescher Partei hiren Accord kritt.

M. le Président.- Den Här Fernand Greisen ass als leschte Riedner agedroen.

M. Fernand Greisen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Virriedner hunn dat néidegst gesot, duerfir brauch ech net méi an d'Detailer anzegoen.

An der Kommissioun sinn d'Zuelen am Detail virgestallt, erkläert a kontrolléiert ginn. Mir hunn op all Fro eng Äntwert kritt, an dofir hunn ech och de Rapport matgestëmmt. Am Numm vum ADR merci un d'Mataarbechter vun den zoustännege Chamberservicer fir hir gutt Aarbecht. Ech brénge selbstverständlech och den Accord vu menger Fraktioun.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Esou wéi den Artikel 155 vum Chamberreglement et virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Kontekommissioun virgeschloen huet, an déi folgende Wortlaut huet. De Berichterstatter Camille Gira huet se scho virgedroen, mä wéi et Virschréft ass droen ech se nach eng Kéier vir, dass jiddferee genau weess wat do dra steet: „La Chambre des Députés, vu le rapport de la Commission des Comptes, approuve les comptes de l'exercice 2001 et prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des Comptes pour y être enregistrés."

***Résolution***

Ass d'Chamber domat averstanen, doriwwer par main levée ofzestëmmen?

***(Assentiment)***

***Vote par main levée***

Da géing ech lech bieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen, wann Der dofir sidd.

Wien ass dogéint?

Ech stelle fest dass dee Rapport eestëmmeg gestëmmt ginn ass. Esou wéi den Artikel 155 vum Chamberreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun mam Rapport vun der Kontekommissioun un d'Cour des Comptes weidergereecht.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wäre mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Moien um néng Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.50 heures)***

## MERCREDI, 26 FÉVRIER 2003

# 33E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**

## Ordre du jour

Débat de consultation sur l'évolution de la crise internationale concernant l'Irak

*(Discussion générale - Motions - Votes)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, M. Henri Grethen et Charles Goerens, Ministres.

***(Début de la séance publique à 9.03 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

### Débat de consultation sur l'évolution de la crise internationale concernant l'Irak

Fir haut de Muere steet op eisem Ordre du jour d'Konsultatiounsdebatt iwwert d'Kris am Irak. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Weiler, Asselborn, Rippinger, Henckes, Bausch an Urbany.

D'Wuert huet d'Regierung. Här Statsminister Juncker, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, während dat franséischt Parlament haut fir d'éischt iwwert den Irak debattéiert, presentéiert d'Lëtzebuerger Regierung sech fir d'drëtt a manner wéi engem Mount am Plenum vun der Chamber, fir iwwert déi wichtegst Fro ze beroden, déi de Moment d'international Aktualitéit ausmécht an d'international Aktualitéit belaascht.

Zënter eiser leschter Aussprooch vum 11. Februar an där vun haut hunn zwee wichteg Evénementer stattfonnt. Déi impressionant Friddensdemonstratioune vum 15. Februar, déi an Europa an am Rescht vun der Welt, mä och a grad hei zu Lëtzebuerg stattfonnt hunn, hu kloer gemaach, dass Leit aus alle Schichten a vun all Alter sech net mat der Fatalitéit vum Krich offanne wëllen. Dofir ware se an de Stroossen, an dat war och gutt esou.

Grad ewéi si verwerft d'Regierung d'Optioun vum Krich als normal an automatesch Fortféierung vun der Politik mat anere Mëttelen. Der Tendenz, de Krich lues a lues an engem schläichende Prozess als gläichberechtegt Alternativ zu Politik an Diplomatie ze begräifen, wëlle mer entgéinttrieden. Mir wëlle keng Welt am Krichsdauerzoustand. Zwee Deeg no der Marche fir Fridde sinn déi 15 Stats- a Regierungschefe vun der Europäescher Unioun an der belscher Haaptstad zesumme komm, fir iwwert den Irak ze beroden. Mir hunn zu deenen éischte gehéiert, déi déi Sitzung gefrot hunn, well mer der Meenung waren dass déi europäesch Haltung an der Irakfro komplett onlieserlech gi war. Hir Lecture fält nom Sommet vu Bréissel méi liicht, trotz dem spueneschenglesche Cosponsering vun där zweeter amerikanescher Irakresolutioun.

Den Europäesche Rot vu Bréissel huet een däitleche Message u Bagdad geschéckt. De Saddam Hussein muss direkt ganz ofrëschten an direkt a voll ëmfänglech mat den UN-Inspekteren zesumme schaffen. Wann en déi lescht Chance net géif notzen, esou sot den Europäesche Rot, misst en eleng d'Konsequenze fir seng onasichtlech Haltung droen.

D'Ofrëschtung vum Irak, esou gouf gesot, misst mat friddleche Mëttele geschéien. 15 Regierungen hunn dat gesot, keng huet de Géigendeel gesot. 15 Regierungen hu gesot, de Krich wier ze verhënneren. Keng Regierung huet gesot, de Krich misst mar de Mueren ugoen. Déi 15 Stats- a Regierungschefen hunn onzweedäiteg gesot, d'UNO misst den Dréi- an Aangelpunkt vun der internationaler Uerdnung bleiwen, an de Weltsécherheetsrot, deen iwwert dat internationaalt Gewaltmonopol verfügt, misst all Décisiounen, déi sech aus der Weigerung vum Saddam Hussein erginn, fir zesummen ze schaffen, huelen. De Weltsécherheetsrot, hien eleng. Kee Regierungschef huet probéiert dat ze nuancéieren.

Inspektere vun der UNO, esou huet et den Europäesche Rot festgeluecht, missten Zäit a Mëttele kréie fir hir Missioun, déi net onendlech laang kënnt daueren - dat hunn och déi 15 gesot -, erfëllen ze kënnen. Och an dësem Punkt keng Nuance.

Den Drock op den irakesche Regime misst oprecht erhale ginn. Déi 15 Regierungen hunn hirer Iwwerzeegung Ausdrock ginn, dass deen amerikaneschen Opmarsch ronderëm den Irak eng essentiell Roll gespillt huet, fir dass d'Inspekteren erëm zréck an den Irak konnte goen. Keen huet dat net gesot.

Déi Aussoe sinn an engem Saz zesummegefouert ginn, dee wichteg ass, nämlech deen dass de Konflikt misst friddlech geléist ginn an dass den Asaz vu Gewalt, deen eleng vum Weltsécherheetsrot ze décidéiere wier, wat een unilateraalt Virgoen ausschléisst, nëmmen déi allerlescht Konfliktléisung kann duerstellen. An anere Wierder, dat wat den Europäesche Rot vu Bréissel festgeluecht huet, entsprécht exactement deem wat mer den 11. Februar als lëtzebuergesch Positioun an der Irakfro hei am Parlament matgedeelt hunn.

Déi Aussoen, déi Festleeungen, déi Orientéierunge vum Europäesche Rot, déi bilden den europäesche Konsenssockel, op deem kann opgebaut ginn. Weder de Saddam Hussein, nach den amerikanesche President - ech wëll déi zwee net op deeselwechten Niveau setzen -, kënnen deen europäesche Konsenssockel un d'Wackele bréngen. Déi eenzeg, déi e kënnen auserneerappen, dat sinn d'Europäer selwer. Et gehéiert zu de strukturelle Schwächte vun der gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik, dass déi zwee Memberstate vun der Europäescher Unioun, déi permanent Membere vum Weltsécherheetsrot sinn an do och iwwer e Vetorecht verfügen, et als eng Fro vun hirem Ermiessen ëmfannen, wéi si an hirer Qualitéit als permanent Membere vum UN-Sécherheetsrot déi Bréisseler Décisiounen op sech selwer bezunn hunn an an deenen nächsten Deeg a Wochen interpretéieren.

Eng europäesch Aussepolitik, fir dass se effikass wier, fir dass se effizient wier, fir dass se op Dauer belaaschtbar wier, misst eng sinn, déi zur Konsequenz hätt, dass déi permanent an déi net permanent Membere vum Weltsécherheetsrot, komme se aus der Europäescher Unioun, keen ermiessene Spillraum hu fir europäesch Positiounen zu nationale Positiounen ze maachen, déi se am Weltsécherheetsrot géife virdroen. Do si mer nach net, do komme mer och esou bal nach net hin, mä d'Irakkris weist dass, wa mer eis net op dee Wee maachen, da geet d'Europäesch Unioun an der totaler internationaler Bedeitungslosegkeet ënner.

Well mer nach net mat enger Stëmm am UN-Sécherheetsrot schwätzen, a well mer och no dem europäesche Sommet nach net obligéiert sinn dat ze maachen, ass et natierlech och dozou komm, dass d'Spuenier an d'Engländer d'Amerikaner ënnerstëtzt hu bei hirem Versuch eng zweet UN-Resolutioun anzebréngen. Déi zweet UN-Resolutioun ass eng déi d'lëtzebuergesch Regierung an hirer Opportunitéit ganz staark a Fro stellt, a wier d'lëtzebuergesch Regierung een net permanente Member vum UN-Sécherheetsrot, géife mer och géint déi Initiativ a géint déi Resolutioun, déi vun deenen dräi Regierungen abruecht ginn ass, stëmmen.

Mir sinn der Meenung, dass d'Inspekteren hir Missioun solle viru féieren. Mir sinn net der Meenung, dass d'Missioun vun den Inspekteren, déi Resultater weist, an déi ganz gutt Resultater géif weise wann den Irak géif voll kooperéieren, dass déi Missioun ofgebrach gëtt, mä mir sinn der Meenung dass déi Missioun méi Zäit a méi Mëttele muss kréie fir zu engem Resultat ze féieren, well mer der Meenung sinn dass een dëse Konflikt mat friddleche Mëttele muss léisen, a well mer och der Meenung sinn dass een dëse Konflikt mat friddleche Mëttele ka léisen.

Et ass gesot gi vun den Europäer, de Krich wier déi allerleschte Méiglechkeet fir dee Konflikt hei ze bëendegen. Déi, déi vireileg nei Resolutiounen abréngen, ginn d'Impressioun, et wier deen nächste Schrëtt. Mir sinn der Meenung, dass tëschent der Inspektioun, wéi se elo fonctionnéiert, an dem Asaz vun deem allerleschte Mëttel, dem Krich, nach ee Schrëtt méi läit, an dat ass deen nächste Schrëtt. An deen nächste Schrëtt muss sinn, dass virugefuer gëtt, dee Konflikt mat friddleche Mëttelen ze léisen. Dofir si mer der Meenung, dass déi Inspektioune musse virugoen, wéi mer dat hei an der Chamber an zu Bréissel gesot hunn. D'Ressourcen an déi technesch Equipementer vun den Inspektere musse vergréissert ginn.

Et ass keng Ursaach do fir mar mam Irakkrich unzefänken. A wann et eng Kéier esou eng Ursaach sollt ginn, well sech eendeiteg erwisen huet, dass den irakesche Regime net kooperéiert, dann ass et um Weltsécherheetsrot fir déi Décisioun ze huelen. Keng Regierung vun der Welt huet d'Recht en unilaterale Schlag lassgeléist vun der UNO-Disziplin op den Irak ze féieren.

Merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. D'Madame Ausseministerin Lydie Polfer freet nach d'Wuert.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Statsminister huet d'Schlussfolgerunge vum Europäesche Conseil explizéiert, kloer duergeluecht a kloer gewisen, dass Lëtzebuerg sech ganz an deenen Elementer erëmfënnt. Eis Positioun war konstant an ëmmer fir all diplomatesch Mëttelen ze gebrauchen, fir déi Kris am Irak ze léisen, den Irak ze entwaffnen an d'Gefor, déi doduerch vum Saddam Hussein sengem Regime ausgeet op seng eege Leit, op d'Regioun an op eis, ze briechen. Dat war eis Politik, déi ech hei vrun dëser Chamber explizéiert hunn den 10. Oktober, den 30. Januar, an datselwecht huet de Statsminister de leschten 11. Februar hei erkläert.

Mir hunn als Lëtzebuerger Regierung alles gemaach wat an eise Méiglechkeete war an der Europäescher Unioun, an der NATO an an der UNO, fir dass déi Stëmm vun den diplomateschen a friddleche Mëttele gehéiert, jo verstäerkt gëtt. Ech wëll drun erënneren, dass d'Situatioun am September d'lescht Joer nach ganz anescht war. Ech hat d'Geleeënheet dat hei och schonn ze erklären.

Ech sinn a menger Ried an der Assemblée vun der UNO, zesumme mat deenen aneren Europäer, dee Moment, dat war Mëtt September, dofir agetrueden, dass den Débat iwwert d'Kris am Irak keng unilateral Weeër soll goen, mä dass dës Diskussioun an der UNO soll stattfannen. A wéi ech de 4. Oktober de State Secretary Powell gesinn hunn, war eist Uleies, dass eng Resolutioun an der UNO soll den Drock op den Irak stäerken, am Kader vun dem Sécherheetsrot vun der UNO. Dass d'Resolutioun 1441 dunn an der Eestëmmegkeet ugeholl ginn ass den 8. November, war eppes wat mer eis e puer Woche virdrun nach net onbedéngt erhofft haten. Et war wéinst der Saach richteg, mä och fir eis mëttel- a laangfristeg Objektiver absolut néideg, dass dës Kris am Irak an deene multilaterale Forume behandelt gëtt, wou Regelen a Prozeduren do si fir eis ze lenken a fir grouss a kleng Staten zesummen un den Dësch ze bréngen, fir wichteg international Froen ze klären.

Dat ass d'Method, déi och d'Basis ass vun eisem Handelen an der Europäescher Unioun, an dofir musse mer net ëmmer enger Meenung sinn, mä mir mussen de Familljesënn, deen eis zesummen hält, gebrauchen, fir ëmmer erëm Weeër ze fanne fir nees Gemeinsames festzestellen. An dat hu mer och an deem leschte Mount e puermol fäerdeg bruecht, sief et de 27. Januar um Niveau vun den Ausseministeren, oder, wéi gesot, nach eng Kéier um Conseil Européen vum 17. Februar. An och dëse Méindeg, elo virun zwee Deeg, hate mer nach eng Kéier - déi 15 Ausseminister - de Point gemaach iwwer eist Virgoen op der Basis vun de Schlussfolgerunge vum leschte 17. Februar. Mir hunn dës Diskussiounen deelweis zesumme mam Generalsekretär a mat der aktueller libanesescher Presidentschaft vun der Arabescher Liga gefëiert. Well et läit jo den Europäer speziell drun, fir dës Kris am Irak och an hirem regionalen Zesummenhank ze gesinn. Do-

fir hat d'griichesch Presidentschaft eng Rei Länner vum Noen Oste besicht an de Minister Papandreou war och op der Sitzung vun den Ausseminister vun der Arabescher Liga de 16. Februar. Dës Länner, loosse mer et net vergiessen, sinn als éischt betraff vun deem Risiko, deen de Saddam fir d'Regioun ass, mä si sinn och besuergt, dass alles gemaach gëtt fir eng friddlech Léisung ze fannen, well all aner Weeër grouss Risike fir d'Stabilitéit vun der Regioun duerstellen.

Dofir schafft d'Europäesch Unioun ganz enk zesumme mat de Länner aus der Regioun, an et sinn och d'Euopäer déi ëmmer erëm am Zesummenhank vum Irak drop higewisen hunn, dass et parallell onofdéngbar ass de Friddensprozess am Noen Oste weider ze bréngen. Dat ass kloer och um leschten Europäesche Rot gesot ginn an de Schlussfolgerungen. An den israeleschen Ausseminister huet d'ailleurs den Europäer geschriwwen, fir sech iwwert dës Haltung ze beschwéieren, mä dat wäert eis awer net dovun ofbréngen ëmmer erëm de Problem vum Friddensprozess an der néideger Aarbecht vum Quartett opzebréngen.

Här President, de leschte Méindeg hu mer och zu 15 iwwert déi nei Texter geschwat, déi den Dag selwer nach dem Sécherheetsrot virgeluecht gi sinn. Déi amerikanesch, englesch, spuenesch Resolutioun an de franséisch, däitsch, russesche Memorandum. Et ass ze begréissen, dass déi eng an déi aner weider d'Solutioun an der UNO sichen, a mir kënnen nëmmen hoffen dass an deene kommende Gespréicher am Sécherheetsrot nach gemeinsam Weeër kënne fonnt ginn. Well d'Englänner an d'Amerikaner hunn ënnerstrach, dass si net drun denken dës Resolutioun direkt engem Vote virzeleeën, mä dass et einfach an dësem Moment hir Determinatioun weist fir an den Diskussioune weider ze kommen. Mä déi zwee sichen, wéi gesot, nach eng Léisung am Kader vum Sécherheetsrot.

Fir eis ass et kloer, dass mer nëmme kënnen déi Beméiungen ënnerstëtzen, déi weider probéiere mat friddlechen an diplomatesche Mëttelen d'Kris ze bëendegen. An de Statsminister huet et jo elo ganz kloer virdrun nach eng Kéier ënnerstrach.

D'Inspektere sollen eng lescht Chance kréie fir ze weisen, dass Progrèsë méiglech si mam Irak an dass dëse wierklech mat den Inspekteren och aktiv zesumme schafft. Et ass un de Chefinspektere Blix an El Baradei, fir ze soe wat geet a wat net geet. Dat hu si elo schonns zweemol gemaach, de 27. Januar an de 14. Februar, a si hu festgestallt dass keng flagrant Problemer sinn, mä dass den Irak net aktiv genuch an net éierlech genuch mat hinnen zesumme schafft. Verschidde Schrëtter sinn du vu Bagdad gemaach ginn an et muss elo genau gekuckt ginn, wéi den Irak op déi Fuerderung vun der Zerstéierung vun den El Samoud 2 Missile reagéiert.

Et ka jo och net sinn, dass tëschent den Inspekteren an dem irakesche Regime Kaz a Maus gespillt gëtt. Dat entsprécht ganz sécher net dem Sënn an dem Text vun der Resolutioun 1441. Mir mussen also kucke wat um Terrain passéiert a wat dann d'Chefinspekteren dem Sécherheetsrot an hiren nächste Rapporte wäerte schreiwen a soen, a besonnesch de 7. Mäerz. Duerno muss erëm weider gekuckt ginn. Mä wéi och de franséisch, däitsch, russesche Memorandum seet, hunn d'Inspekteren an hunn d'Inspektioune Resultater bruecht, an déi däerfen net ënnerschätzt ginn. Wann d'Inspektere fannen dass nach Terrain ass fir weider ze fueren, da soll hinnen och déi Méiglechkeet gi ginn. Dat heescht awer net fir éiweg laang an et heescht och net, dass mer eng militäresch Aktioun ausschléissen, esou wéi am Conseil Européen festgehale ginn ass. Neen, mä si muss a si ass fir eis nëmmen dee leschte Recours, wann alles soss keng Resultater bruecht hätt.

D'Sanktiounen an och déi militäresch Aktioun sinn en Deel vun der Charta vun der UNO. Si sinn also en Deel vun dem internationale Recht, dat mir net wëlle leegnen an zu deem mir stinn.

Här President, vu militäresche Mëttelen ass och an der NATO Rieds gewiescht déi lescht Wochen. Hei wor d'Diskussioun vun den Amerikaner ugefaange ginn, fir ze kucke wat d'NATO plange soll fir d'Tierkei ze schützen am Kader vun der jëtzeger Kris. Lëtzebuerg hat Mëtt Januar Bedenken um Timing ausgeschwat wat dës Planung ubelaangt, well mir wollten op deen éischte grousse Rapport vum Blix an El Baradei waarden. Et gong jo drëms ze évaluéieren, ob de Risikofacteur Irak géif kënne schnell duerch d'Inspektiounen ënner Kontroll kommen. Dat war net de Fall. Vill Verbesserunge waren nach néideg an den Irak war net esou wëlleg wéi een dat gehofft hätt fir aktiv matzeschaffen. Dat huet den Här Blix ganz kloer de 27. Januar gesot.

An dofir hu mir dunn eisen Accord ginn an der NATO, dass déi Planung kënnt ufänken, well mir eis kloer bewosst waren, dass et hei ëm eis Obligatiounen engem Alliéierte géintiwwer gong an dass do, wann ee sech bedréit fillt, eis kollektiv Défense muss spillen, well dofir ass d'NATO schliesslech do. Dat huet och d'Demande vun der Tierkei, fir den Artikel 4 vum Vertrag vu Washington ze invoquéieren, kloer bestätegt. Dräi aner Länner, Frankräich, Däitschland an d'Belsch, hu weider an der NATO awer drop beharrt, dass dës Moossnamen net kënnten akzeptéiert ginn, mä si wollte schlussendlech waarde bis de Rapport zu New York, de 14. Februar, géing virgeluecht ginn.

Verschidden Delegatiounen, mä och de Generalsekretär vun der NATO, haten an der Zwëschenzäit an de Medien dëser Diskussioun eng Wichtegkeet ginn, déi eigentlech Planungsmesuren an der NATO guer net sollten zoukommen. Et ass dunn awer schlussendlech sonndes de 16. Februar zu engem Accord an der NATO komm, deen an de groussen Zich deem entsprach huet, wat schonns virdrun um Dësch louch. Däitschland, Frankräich a Belgien hunn dunn och nach eng gemeinsam Erklärung un d'Press gemaach, fir hir Attitude an hir nei Attitude duerzeleeën.

Et muss een hoffen, dass all weider Diskussiounen an der NATO, an der Method an och am Toun, sou gefëiert ginn, fir erëm op déi gutt Traditioun vun dëser Organisatioun zréck ze kommen. An ech soen dat besonnesch, well ech et och net richteg fonnt hu wéi eis belsch Noperen an deene 14 Deeg behandelt gi sinn. A schwéieren Zäite muss een deem aneren d'Situatioun net nach weider erschwéieren. A si haten et heiansdo a villen internationale Gremie ganz schwéier a si vu verschiddene Kolleegen op d'schäerfst attackéiert ginn.

***(Interruption)***

Mir hunn dat iwwerall gemaach an dat kënne se lech och bezeien. An Zwëschenzäit huet d'NATO entschieden déi Mesuren och ëmzesetzen an unzefänken - déi also mat dem Accord vun de Belsch an den Däitschen entschiede si ginn - an d'AWACSen an de Süde vun der Türkei ze schécken an och den Transport vun de Patriot-Missilen ze organiséieren; déi sinn dës Woch ënnerwee.

Här President, an der NATO, an der Europäescher Unioun an an der UNO stinn - a mir sinn eis et all bewosst - grouss Décisiounen un. Verschiddener wäerten net am Konsens méiglech sinn, dat hu mer an der Europäescher Unioun gesinn. Mir sinn eis zwar op ville Prinzipien eens, mä mir deelen net déiselwecht Meenung iwwert d'Method, fir zu enger Entwaffnung vum Irak ze kommen. Dat kann ee bedaueren, dat muss ee bedaueren. Et ass ons virgeworf ginn, mir hätten - an ech soen ons, der Lëtzebuerger Regierung - keng kloer Linn. Dat ass am Fong net richteg. Well mir konsequent vun Ufank un an deene leschte sechs Méint fir eng friddlech Léisung am Kader vun dem Weltsécherheetsrot agetratt sinn. Wat wouer ass ass, datt mir keng verbal Excèsë gemaach hunn, keng Attacke geridde sinn, well mer der Meenung waren a sinn, dass alles muss gemaach gi fir d'Europäer net ze vill wäit auserneen driften ze loossen.

An dofir wëllt ech och en Appel maachen un déi eng an un déi aner, fir ze versiche méi och nach an deene kommende Wochen op deen aneren anzegoen an net ze versichen duerch onnéideg Pressiounen um Timing eng dach nach gëeenegt Haltung am Weltsécherheetsrot méiglech ze maachen. Wann nämlech de Contraire géif geschéien, dann hätt dat ganz negativ Konsequenze fir Europa, fir den Elargissement an och fir de Kredit vun der UNO.

Dat musse mer eis bewosst sinn, a mir Europäer mussen eis awer och bewosst sinn, datt mer nach vill mateneen ze maachen hunn. Dat do hunn ech och de leschte Méindeg am Kader vum Conseil menge Kolleege gesot. Mir hu villes gemeinsam als Lëtzebuerg, als Europäesch Unioun, an och mat Amerika. Mir deelen déiselwecht Prinzipien a Valeuren an alles dat hu mer festgesat an eisen Institutiounen, an eisen internationalen Organisatiounen, fir deenen hir Crédibilitéit mir ganz besonnesch mussen antrieden, well besonnesch kleng Partner op ebe capabel Institutioune mussen zielen.

Loosse mer also an där ganz schwéierer Debatt iwwert d'Entwaffnung vum Irak an iwwer Krich oder Fridden net vergiessen, dass den Irak a seng Massevernichtungswaffen eist Belaangen ass, an datt et net drëm geet ob ee fir Krich oder géint Krich ass, fir Fridden oder géint Fridden. Mir alleguer heibanne si fir de Fridden a mir hunn och als Lëtzebuerger Regierung dat an deene leschte Méint ënner Beweis gestallt. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Statsminister an d'Madame Ausseminister hunn an hire jeeweilegen Interventiounen - sou denken ech -, op eng onmëssverständlech Aart a Weis, nach eng Kéier d'Haltung vun der Regierung an där ganzer Irakfro duergeluecht.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Ech wëll virop zwou Bemierkunge maachen. Éischtens. Meng Fraktioun, déi ënnerstëtzt d'Approche vun der Regierung a mir maachen dat, Här President, well et eng Approche ass, déi drop ausgeriicht ass dem Fridden absolut Prioritéit ze ginn, well et eng Approche ass, déi de Géigner vum Fridden, nämlech den Irak, kloer identifizéiert, well et eng Approche ass, déi déi wichtegst Pisten an déi noutwendeg Mëttele proposéiert, fir den Irak zum Alenken ze bréngen, a well et eng Approche ass, déi richtegerweis d'UNO an d'Völkerrecht an de Mëttelpunkt vun där ganzer Fro stellt.

Aus all dëse Grënn, Här President, Grënn zu deenen et an eisen Ae keng Alternativ gëtt, soe mer Jo zur Haltung vun der Regierung.

Meng zweet Bemierkung. D'Deklaratioune vum Statsminister a vun der Ausseministesch haut de moie stelle keng Iwwerraschung duer, well ofgesi vun enger Rei vu Bemierkungen, déi am Beräich vun de Motivatiounen ugesiddelt sinn, an ofgesi vun der Positioun zu deem neie Projet de résolution, dee vun den Amerikaner an den Englänner ervirbruecht ginn ass, hunn ech näischt an der Positioun vun der Regierung héiere wat nei wär, par rapport zu deem wat d'Regierung zënter laange Wochen an dëser Fro erkläert huet.

De Statsminister an d'Madame Polfer haten an deene leschte Méint, Wochen an Deeg bei ville Geleeënheeten, hei am Parlament, op Pressekonferenzen, a Radiossendungen an an Interviewen, d'Positioun vu Lëtzebuerg duergeluecht an erkläert. An ech hunn, wéi gesot, bei deem wat ech haut héieren hunn, keng nei Tounlag, keng nei Approche gesi par rapport zu deem wat mer kannt hunn.

A well ech gesot hunn, Här President, dass meng Fraktioun d'Approche vun der Regierung zu 100% dréit, wëll ech mol nach eng Kéier méi e geneeë Bléck op dës Approche werfen an zur selwechter Zäit versiche fir dat, wat déi zwee Regierungsmemberen haut de moien hei gesot hunn, ze vergläiche mat deem wat se an deene leschte Wochen ëmmer erëm gesot hunn.

Dëse Versuch schéngt mer ëmsou méi wichteg ze sinn, well Eenzelner nach bis an déi leschten Deeg era behaapt hunn, d'Regierung - an domadder wäre jo och d'Majoritéitsparteie gemengt - hätt keng kloer Haltung, si géif en Zickzackkurs fueren, an et gouf jo och hei Leit am Haus déi gemengt hunn, aus Grënn op déi ech am Moment net wëll agoen, si missten d'Regierung areien an déi, déi angeblech nëmmen op e Krich auswieren.

Dofir wëll ech nach eng Kéier eis Haltung däitlech maachen, fir dass och déi, déi se bis elo nach net sollten héieren hunn, oder déi se net wollten héieren, oder déi sou gemaach hu wéi wa se net héieren hätten, wësse wou se dru sinn.

Punkt 1. Kee Mënsch wëllt e Krich, weder heibannen nach dobaussen. E verstännege Mënsch wëllt ni Krich, net géint den Irak, net am Noen Osten, néierens op der Welt. De Statsminister huet virdrun op dëser Tribün hei gesot: „De Konflikt muss friddlech geléist ginn." An de Statsminister huet virun zwou Wochen op dëser Tribün wuertwiertlech gesot, ech zitéieren: „Egal wou mer hei sëtzen, op lénks vum President oder riets, op de Still vun den Deputéierten oder op der Regierungsbänk, ech sinn iwwerzeegt dovun, datt mer alleguer eng diplomatesch, eng politesch an eng friddlech Léisung fir den Irakkonflikt wëllen...", an hien ass weidergefuer, andeems hie gesot huet: „…den Irak muss entwaffnet ginn, e muss mat friddleche Mëttelen entwaffnet ginn."

Punkt 2. Mir sinn der Meenung, dass d'UNO-Inspektioune musse weidergoen an dass den Irak hei muss kollaboréieren a méi aktiv matschaffe wéi dat bis elo de Fall war. Den Irak huet elo wéinstens an engem prezise Beräich, nämlech an deem vun den Al-Samoud-Rakéiten, d'Méiglechkeet seng aktiv Kollaboratioun ënner Bewäis ze stellen. Et geet hei net drëm fir dës Rakéiten ze zerstéieren, well se 20 oder 30 Kilometer ze wäit fléie wéi dat erlaabt ass, mä et geet ëm d'Glafwierdegkeet an et geet ëm d'Eeschhaftegkeet mat där mer mat den UN-Virschréften a mat den UN-Resolutiounen ëmginn.

***(Interruption)***

De Statsminister huet virun zwou Wochen op dëser Tribün gesot: „Dofir si mer, zesumme mat villen aneren, fir d'Verstäerkung vun den UNO-Inspektiounen, zuelméisseg a materiell, dofir si mer dofir, dem Irak eng lescht Chance ze ginn, fir seng Positioun ze iwwerpréiwen an d'Viraussetzung fir eng friddlech Léisung ze schafen." Haut huet hie gesot: „Mir sinn der Meenung, dass d'Missioune vun den Inspektere musse weidergoen. Et ass keng Ursaach do fir muer Krich unzefänken…", an hien huet hei nach eng Kéier développéiert wéi d'Regierung mengt dass déi Inspektiounen an der Breet, an der Déift an an der Zäit hir Chance musse kréien, fir hei zu enger friddlecher Solutioun ze kommen.

Punkt 3. Mir stinn hannert dem Décisiouns- a Gewaltmonopol vun der UNO a vum Weltsécherheetsrot. Och heizou huet d'Regierung virun zwou Wochen hei am Haus gesot, d'Sanktioune mussen am Kader vun der UNO a vum Weltsécherheetsrot getraff ginn, déi näischt däerfen onversicht loosse fir déi ultim Sanktioun vum Krich net mussen ze ergräifen.

Mir mussen der Ëmsetzung vun der Resolutioun 1441 all hir Chancë ginn. Wa se vum Saddam Hussein net ergraff ginn, da muss de Weltsécherheetsrot décidéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, wann een e bëssen d'Deklaratiounen, déi d'Regierung an deene leschte Méint gemaach huet, kuckt, da gouf et ënner anerem och en Interview vum Statsminister um Enn vum Joer, wou hie sech däitlech zu där Fro positionéiert huet. Kee Mënsch wëllt dat héieren oder gesinn oder geet dat noliesen, mä ech wëll emol zitéieren, wat den 20. Dezember de Statsminister an engem RTL-Interview gesot huet.

Hien huet gesot, dass den Irak dofir suerge muss, dass d'Viraussetzunge geschafe ginn, fir dass déi international Communautéit - net d'Amerikaner eleng, mä déi international Communautéit - net zu deem Schrëtt komme muss. Dat war am Dezember, wou déi dote Positioun kloer an däitlech formuléiert ginn ass, wou gesot ginn ass: „Et kann net eng eesäiteg Approche vu Säite vun de Vereenegte State ginn. Et muss eng Solutioun am Kader vum Conseil de sécurité vun der UNO, vun der internationaler Communautéit getraff ginn." Dat ass am Dezember gesot ginn.

Kee Mënsch hélt dovunner Kenntnis. Dat war eng kloer an eng däitlech Positionéierung wat déi ganz Problematik ubelaangt, déi mer hei diskutéiert hunn. Hien huet deemools gesot: „Il faut détester la guerre. Dat ass eppes wat mer net sollte maachen. Mir maachen dee butzegen Afloss, dee mer hunn, do geltend, wou et drëm geet dass d'Stëmm vun der Verhandlung eng Lëtzebuerger Stëmmche kritt." Och dat war eng däitlech Positioun. Et war eng däitlech an eng kloer Ausso a weist wéi eng Approche dass dës Regierung par rapport zu dësem Konflikt huet. Eng Ausso, déi méi wéi zwee Méint zréckläit, déi awer anscheinend kee Mënsch méi wëllt héieren oder kee Mënsch méi wëllt zur Kenntnis huelen. De Statsminister huet haut de Moien hei gesot, ech zitéieren hien: „De Weltsécherheetsrot muss den Dréian den Aangelpunkt bleiwen."

Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen déi dote Punkte si kloer an däitlech, an aus deene ganze Positiounen eraus kënnt eng lescht Haltung, an dat ass déi vun der ultimer Sanktioun, esou wéi se an der Resolutioun vun der Europäescher Unioun duergeluecht ginn ass. Gewaltuwendung ass déi allerlescht vun den Optiounen, net déi nächsten, mä déi allerlescht vun den Optiounen. Et ass dat eng Formulatioun, déi den däitschen Ausseminister, den Här Fischer, gebraucht huet. Eng Optioun, déi bis ganz zum Schluss net däerf zur Uwendung kommen, déi awer net komplett ausgeschloss gi kann.

Dat ass d'Positioun déi dës Regierung an dës Majoritéitsfraktiounen, déi dës Regierung ënnerstëtzen,

an där ganzer Debatt hunn, haten an zënter Méint hunn. A well dat eis Positioun ass, a well wierklech all d'Méiglechkeeten - esou wéi dat haut de Moie vun dem Statsminister an der Madame Ausseminister hei ënnerstrach ginn ass - bis dee leschte Moment sollen ergraff gi fir zu enger friddlecher Léisung ze kommen, gesi mer d'Utilitéit vun där neier Resolutioun, déi vun den Amerikaner a vun den Engländer abruecht ginn ass, net an. Mir denken dass déi Approche, déi mer développéiert hunn an déi och vun Däitschland a Frankräich an hirem Memorandum ënnerstëtzt gëtt, fir den Inspekteren all, mä awer och wierklech all, hir Chancen ze ginn, déi richteg Approche ass, an dofir denke mer dass esou eng Resolutioun an dësem Moment net a Fro kënnt.

An dann, Här President, wat jo awer trotzdeem glécklech ass, a wou ech fannen dass eist Land, eis Regierung dach awer extrem gutt do steet, dat ass dass déi Positioun, déi hei iwwer Wochen definéiert ginn ass an iwwer Woche kloer an däitlech war - och wa verschidde Leit dat net esou wollten héieren a gesinn -, dach deckungsgläich ass mat deem wat déi Europäesch Unioun an hirer Resolutioun virun zéng Deeg, wéi d'Stats- a Regierungschefen zesumme waren, festgehalen huet. Si stëmmt praktesch wuertwiertlech mat deem iwwereneen, wat d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung war. Do kënne mer dach net dernieft geleeën hunn. Do kënne mer net, wéi gesot ginn ass, tëschent de Still gesiess hunn.

Eis Positioun ass ganz genee déi Positioun, déi déi Europäesch Unioun festgehalen huet. Mir hu keng Ofstrécher bei där europäescher Resolutioun vun eiser Positioun misse maachen. Aner Länner hunn dat musse maachen. Groussbritannien huet mussen en Deel vu senger Krichsrhetorik ofréckelen, fir déi europäesch Positioun kënne mat ze droen. Den däitsche Bundeskanzler huet musse vu senger fundamentalistescher Positioun e Stéckelchen ofréckelen, fir dat dote kënne mat ze droen. Hien huet sech ëmmer mat alle Mëttele gewiert géint de Krich. Hien huet awer hei d'Gewaltuwendung als lescht Mëttel, als Ultima ratio an där dote Resolutioun mat gedroen. Anerer hu musse vun hirer Positioun ofgoen. D'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung war kloer an däitlech. Mir hunn net brauche vun eiser Positioun ofzegoen a mir hunn eis zu 100% an der Positioun vun den Europäer erëmfonnt.

Här President, wann een d'Debatten zréckkuckt, déi mer elo an deene leschte Wochen hei am Parlament iwwert déi ganz Problematik gefouert hunn, da gesäit ee bei der Beschreiwung vun der Irakfro - hei am Parlament wéinstens -, dass ganz vill op d'Haltung vun de Vereenegte Staten an op d'Intérête vun de Vereenegte Staten insistéiert gouf. Et gouf villes kritiséiert an net alles, wat do kritiséiert gouf, gouf zu Onrecht kritiséiert. Et goufen awer och vill Ënnerstellunge gemaach, déi ech a kenger Hinsicht kann droen, mä et gouf ganz wéineg vum Irak selwer geschwat. Et gouf ëmmer gesot de Saddam Hussein ass en Diktator, et ass e Schlëmmen a mir sinn net frou mat him, an dann ass erëm ofgewach ginn an et ass sech erëm fokusséiert ginn op d'Haltung vun den Amerikaner.

Mä et muss een dach awer gesi wien hei en fin de compte de Feind ass. Mir däerfen dach awer net d'Amerikaner op d'Uklobänk setzen. Mir mussen dach awer gesinn, datt den irakeschen Diktator deen ass, deen zënter zéng Joer a méi wéi zéng Joer hei mat der Weltgemeinschaft mécht wat hie wëllt. Hie mécht de Geck mat den UN-Resolutiounen. Zënter zéng Joer ginn UN-Resolutioune geholl. Hien huet keng eenzeg mat Energie gehollef ëmzesetzen.

Et ass ëmmer erëm gesot ginn, et si vun den UNO-Inspektere méi Waffe vernicht gi wéi dat am Golfkrich de Fall war. Här President, wann Der kuckt, déi Waffen, déi vernicht gi sinn opgrond vun den UN-Inspektiounen, de Gros dovunner réiert dohier wéi 1997 dem Saddam Hussein seng Eedeme geflücht sinn a verroden hunn, wou dann déi Waffenarsenaler wären. Eréischt doropshi konnt massiv zerstéiert ginn. D'UNO-Inspektere konnten eréischt no siwe Joer, während deene se vum irakesche Regime un der Nues ronderëmmer gefouert gi sinn a wou alles verstoppt ginn ass, déi gréissten Dépôtë fannen, nodeems dat Ganzt duerch dem Saddam Hussein seng eege Famill opgeflu war. Eréischt du konnte se effikass ginn.

Duerfir gesäit een, dass de Problem net deen ass vun Amerika oder vun der internationaler Communautéit, déi hei Drock ausüben. Den Irak gëtt zënter 30 Joer vun engem Diktator regéiert, dee chemesch Waffe géint seng eege Populatioun agesat huet. Den Irak ass de Problem, e Land aus deem Milliioune vu Leit an den Exil gaange sinn, well se dem Terror vun dësem Regime wollten aus de Féiss kommen. Véier Milliounen Iraker liewen am Exil. Den Irak, an deem Honnertdausende vu Kanner an deene leschten zéng Joer nom Embargo gestuerwe sinn, well den Embargo den irakeschen Diktator gutt arrangéiert.

Kuckt emol, wéi einfach wär et gewiescht wann et hei zu enger Kollaboratioun komm wär, wann déi Kollaboratioun virun zéng Joer gemaach gi wier wéi d'UNO se verlaangt huet, wéi de Weltsécherheetsrot se verlaangt huet, da wär deen Embargo längst opgehuewen an dann hätte mer déi Dausenden an Dausenden - Här Bausch, Dir kënnt dat jo herno anescht ausféieren - vu Kanner net, déi am Laf vun deene leschte Méint gestuerwe sinn. All Mount stierwen am Irak 5.000 Kanner opgrond an un de Konsequenze vun engem Embargo, dee provozéiert gëtt, an dee systematesch, wëllentlech a wëssentlech vun engem Diktator, deen zu Bagdad sëtzt, gefördert gëtt.

Deen Eenzegen, Här President, deen de Moment Krich féiert, dat ass de Chef vum Irak, an hie féiert Krich géint säin eegent Vollek. Dat ass de Problem an duerfir sollte mer eis net am Géigner ieren.

***(Interruption)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ofschléissend nach eng Kéier an e puer Wierder d'Positioun, fir dass se ee fir allemol verstanen ass bei deene Leit, déi se bis elo net wollte verstoen, resüméieren.

Éischtens alles awer och alles ass ze versiche fir zu enger friddlecher Léisung ze kommen. Zweetens d'UNO-Inspektere mussen d'Zäit an d'Méiglechkeete kréie fir hir Aarbecht ze maachen, dat awer mat der proaktiver Mataarbecht vum Irak. Dofir menge mer och, dass an dësem Moment eng nei UNO-Resolutioun net hëllefräich ass, mä d'UNO-Inspektioune sollen an der Breet, an der Déift an an der Zäit déi Méiglechkeete kréien, esou wéi se och vun de Fransousen an den Däitschen déi lescht Deeg proposéiert gi sinn. Drëttens den Décisiounsmonopol muss beim Weltsécherheetsrot bleiwen. D'Völkerrecht muss voll zur Geltung kommen. Gewaltuwendung kann nëmmen déi allerleschte Méiglechkeet sinn a si muss vun der UNO décidéiert ginn. Eng unilateral Approche kann net eis Zoustëmmung fannen.

Ech denken, Här President, datt ënnert deenen Ëmstänn, esou wéi mer se haut kennen, an an där Situatioun, esou wéi se sech haut presentéiert, dat do eng raisonnabel an eng responsabel Approche zu där ganzer Problematik ass.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Weiler. Den nächsten Orateur ass den Här Asselborn. Här Asselborn, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Sätz wéi Krich däerfen nëmmen Ultima ratio sinn. Krich ass ëmmer eng Nidderlag fir d'Politik. Wie wëllt scho Krich? Dat si jo Sätz, déi héiert een all Dag vun héichgestallte Perséinlechkeeten, Sätz déi iergendwou um Planet praktesch all Stonn de Moment geschwat ginn. Dës Phrasen hunn an Zwëschenzäit awer am Fong hir Iwwerzeegungskraaft verluer. Et si Platitude ginn. Si klénge wéi huel Ausrieden, wéi Oflenkunge vun der eigentlech wesentlecher Fro, déi heescht: Firwat muss et elo Krich ginn am Irak?

Wat dreift d'amerikanesch Regierung ënnert dem President Bush haut an e Krich géint den Irak, an e Krich wou dëse President am léifsten déi ganz sougenannten ziviliséiert Welt wëllt mat abezéien? Wéi ass dësen Drang, dësen dach scho bal instinktiven Drang, also am Sënn vun net a Fro gestallten Drang zu dëser Positioun ze erklären?

Selbstverständlech ass de Saddam Hussein, a mir hunn dat schonn hei gesot, e ganz schlëmmen Diktator, dee säi Vollek verluecht an him all Fräiheeten hëlt.

Selbstverständlech ass de Regime vun der Baath-Partei am Irak e Regime wou kee Millimeter Demokratie besteet.

Selbstverständlech ass den Saddam Hussein, dee vill Leit d'Liewe kascht huet, zënter 1979 un der Muecht.

Selbstverständlech däerf dëse Regime keng Waffen hunn, déi eng Gefor fir d'Mënschen am Irak an an der Regioun duerstellen.

Ass et dann awer selbstverständlech, Här President, dass een duerch ee Preventivschlag dëst alles wëllt ewech bommen?

Mir si keng Amerikaner. Mir hunn net de Bezuch zum 11. September, deen d'Amerikaner kënnen hunn. Dat stëmmt. Dofir soll keen an Europa dem amerikanesche Vollek heiranner eng Lektioun erdeelen, oder dësem Vollek seng Emotioune vum September a Fro stellen. D'Amerikaner hunn eis Westeuropäer nom 1. an 2. Weltkrich gehollef d'Fräiheet erëmzekréien. Alles dat stëmmt. Dausende vun hinne si gefall, fir dass mir eis Demokratie nei opbaue konnten, och eis Wirtschaft an eise soziale Fortschrëtt. Amerika huet jo och eisem Land seng Fräiheet, seng Eegestännegkeet a seng Dignitéit, virun allem 1945, mat zréckerkämpft.

Speziell meng Generatioun, déi nom Krich op d'Welt komm ass, also weder Krichsangscht, nach Honger, nach Misär huet missen ausstoen, muss dëst bis zu hirem Liewensenn och héichhalen.

Nom 11. September war Amerika an Nout. Amerika hat Angscht a war veronséchert. Et war un eis Europäer fir esou ze hëllefen, wéi mir et amstand sinn ze hëllefen. D'Lëtzebuerger Bevölkerung huet Solidaritéit bewise mat Amerika nom 11. September, a politesch ware mer eis och eens, dass den nationalen Terrorismus mat alle wierksame Mëttele bekämpft muss ginn.

Afghanistan, dat Land wou de Regime vun den Taliban sech breet gemaach hat a wou den Osama Bin Laden operéiert huet, huet leider missen als Bühn fir militäresch Operatiounen duerhalen, fir d'Nascht vun Al Qaida ze zerstéieren.

Ech woen ze behaapten, dass d'international Communautéit, ugefouert vun Amerika, heibäi an der Démarche eng Linn hat, déi verstane ginn ass. Haut ass jo och d'UNO an Afghanistan derbäi mat Hëllef vu villen EU-Länner ze hëllefen, dass de Risiko, dem Terrorismus eng ongestéiert Spillwiss ze loossen, esou kleng wéi méiglech ass.

Wann déi international Communautéit also mat där Interventioun averstane war an och d'arabesch Welt dëst gedroen huet, esou däerfe mer net vergiessen, dass Amerika an all déi aner Länner aus der ziviliséierter Welt sech an där Koalitioun engagéiert haten, aus der Koalitioun am Kampf géint den internationalen Terrorismus eng Koalitioun fir d'Bekämpfe vum Misär an der Welt a vun der Perspektivlosegkeet ze maachen, dëst fir dass d'Wuerzele vum Terrorismus, also den Haass an de Fanatismus ausgehielegt kënne ginn. Dat war en Engagement, wou vill Leit op der Welt déi gutt Säit vun där schrecklecher Katastroph vum 11. September gesinn hunn.

Nun, de Knackpunkt an der Approche vum Här Bush ass net, mengen ech, an enger rationeller Analys ze fannen. Mä eppes ass dach kloer, de Bin Laden ass net gepaakt ginn am Afghanistan. Mir wëssen, dass en iwwer Videokassetten iwwer Al Jasira der Welt wëllt Angscht maachen.

Aus der Siicht vun der amerikanescher Regierung ass d'Aarbecht géint den internationalen Terrorismus eréischt da gemaach, wann de Kapp vun deem Béisen, de Kapp vun Al Qaida gefall ass. Well de Kapp Bin Laden net ze situéieren ass, muss eng aner Zilscheif hier, dëst hätt kënnen den Iran ginn zum Beispill, et hätt och kënnen d'Palästinenser ginn, et ass den Irak ginn.

Zënter méi wéi engem Joer, Här President, gëtt mat enger formidabeler Intensitéit an Ausdauer der Welt vu Washington hier gesot, dass de Saddam Hussein d'Sécherheet vun Amerika beeinträchtegt an dass e militäreschen Asaz dësen Diktator wäert zur Streck bréngen.

Amerika mécht dobäi e risege Feeler, well et duerch déi revolutionär Doktrin vum Preventivschlag eng Démarche légitiméiert, déi géint all Regele vum internationale Recht verstéisst.

Et kann näischt mat Antiamerikanismus ze dinn hunn, wann aus dem alen Europa eraus dës Kéier Amerika gehollef gëtt dëse Feeler ze ënnerloossen.

Mir mussen den Amerikaner soen, hiert Land ass dat stäerkste Land op der Welt mat där gréisster Armé, dëst grousst Land mat ville gescheite Käpp brauch keng Bommen op Bagdad ze geheie fir seng iwwermächteg Stäerkt als Weltmacht ze beweisen, a brauch och keng Bommen op Bagdad ze geheie fir d'Sécherheet vu sengem Vollek ze garantéieren.

Amerika brauch net d'Kontroll iwwert d'Uelechfelder am Irak, fir och am 21. Jorhonnert als wirtschaftlech Weltmuecht ze gëllen. Amerika brauch aus strategesche Grënn net eng Festung um Golf ze hunn, fir méi no bei China ze sinn, well d'USA iwwerall op der Welt Stëtzpunkten hunn, also och gefeit si fir enger multipolärer Welt an der Zukunft an d'Gesiicht ze kucken.

Amerika brauch och net iwwerall op der Welt seng Kultur, seng Liewensweis, seng Denkweis ze octroyéieren, well déi grouss Kommunikatiounsréseaue ginn hinne schonn haut d'Méiglechkeet iwwerall present ze sinn.

Amerika brauch och seng Frënn op der Welt net därmoossen ze brüskéieren, ze drängen an ze quëtschen a Rollen, déi hir Rollen net sinn. Amerika ass ee grousst an ee fräit Land, dat sech am Fong guer keng Vasallen ze zille brauch fir Weltmuecht ze sinn.

Wann Europa an dësem Sënn der US-Regierung paroli bidde wëllt, kann nach eng kleng Chance bestoen: Éischtens, dass den Här Bush ufänkt nozelauschteren, obschonn hie jo de Krich zënter dem Hierscht 2002 fir de Mäerz 2003 praktesch a seng Agenda geschriwwen huet. Zweetens, dass virun allem an den USA de Widderstand géint de Krich an der Populatioun nach wiisst.

Déi Milliioune Leit, déi de 15. Februar an der ganzer Welt op der Strooss waren, waren net mobiliséiert well Antiamerikanismus se gedriwwen hätt, si ware mobiliséiert well se déi Determinatioun vum President Bush, fir mat alle Mëttelen an egal wéi mat militäreschen Aktiounen am Irak ze operéieren, schäerfstens oflehnen.

Dëse méigleche Krich, esou interpretéiere mir de Message vun den Demonstranten, dee fir Amerika an England liicht ze wannen ass um militäresche Plang, geet am Interesse vum Weltfridden op allen aneren Niveaue verluer.

Mat Bommen op Bagdad ass dem internationalen Terrorismus, ech hunn et schonn hei gesot, net bäi ze kommen. De Géigendeel wäert d'Folleg sinn. Blannen Haass a Fanatismus géint de Weste kréien dann neien Opdriff.

Mat Bommen op Bagdad gëtt de Problem vum Openanerstousse vun de grousse Weltreliounen an ee Liicht gestallt, wou nees de reliöse Fanatismus mat sengem ganzen negative Potenzial wäert nach méi geschürt ginn.

Mat Bommen op Bagdad brécht d'Stabilitéit am Noen Osten zesummen, an d'Revanche déi d'arabesch Welt dann huele wäert, virun allem och um wirtschaftleche Plang, wäert och fir eis schwéier ze verkraafte ginn.

Mat Bommen op Bagdad, an ech hat et am Januar hei gesot, gëtt dem Irak eng Mëschung vu Leningrad an Dresden zougemutt. Eleng wann een drun denkt, wat mir sougenannten ziviliséiert Welt deene Leit am Irak duerch dëse méigleche Krich, deen, wéi et ausgesäit, onméiglech ze verhënneren ass, effektiv zoumudden u plakeger Angscht, da muss dës ziviliséiert Welt, zu där och mir gehéieren, sech schummen oder awer seng Démarche a Fro stellen. Eleng de Fait, dass elo zënter Méint a Méint all Owend aus dem Headquarter vum Här Bush dës Krichsdrounge kommen, muss dach d'Iraker entweder ënnerlech opreiwen oder se esou ofhäerden, dass se ofgeschloss hunn an nach just dohinner vegetéieren.

Déi Leit, déi op d'Strooss gaange sinn, an och déi Leit, déi ganz grouss Majoritéit, 70 bis 90% an Europa, déi géint ee Krich sinn, sinn dach keng ënnerentwéckelt Sujeten, déi net capabel wiere sech ee Bild vun der Situatioun ze maachen. Si liesen dach d'Zeitung, lauschteren de Radio, kucken d'Televisioun a gesinn do déi gescheit Stats- a Regierungschefen a kommen zur Konklusioun, dass am 21. Jorhonnert d'Welt regéiert sollt gi vu Leit, déi de Respekt virun enger breeder Meenung vum Vollek net ignoréieren dierfen, all Kéier wann et ëm Krich oder ëm net Krich geet.

Bemierkenswäert ass jo de Fait, dass genee an deene Länner, wou d'Regierungen am däitlechsten um Bushkurs leien, wéi an England, Italien, Spuenien an och Australien, den Opmarsch vun der Populatioun am gréisste war.

Kënnen dës Länner et woen e Krich ze féiere géint hir Populatioun? Et ass dach ze hoffen, dass dës grouss Statsmänner nach d'Kéier kréien. Sollt déi ziviliséiert Welt instinktiv am Irak musse Krich maachen, dann ass et schlecht gestallt fir d'Kanner alleguerten op der Welt.

Wéi steet Europa zu där Fro? Europa ass jo, wéi mer wëssen, zu enger Europäescher Unioun ginn,

well Europa deem Krich en Enn wollt maachen, la Grande Guerre, dunn den Zweete Weltkrich. En drëtte Weltkrich géif Europa net iwwerliewen. Et ass eng existenziell Fro, an enger Zäit wou d'Waffesystemer d'Welt dausendemol kënnen zerstéieren, komplett zerstéieren. Krich ass also an allen Hinsichte just dat wat d'EU net ass. Also sollte mer aus der EU net muttwëlleg aneren op der Welt Krich zoumudden.

An dach, d'EU ass gespléckt. Wéi kënnt et anescht sinn? Stelle mer eis eng Sekund nëmme vir Moskau, net Washington, hätt aus ähnlechen Ursaachen argumentéiert an e Krich géint den Irak an d'Viséier geholl. Och Moskau kënnt 150.000 Zaldoten an de Golf schécken. Och Moskau wier den Iraker militäresch haushéich iwwerleeën. An deem Fall kënnt ech mer net virstellen, dass England, mam Tony Blair, mat Russland op enger Wellelängt reide géif. An den Här Aznar an den Här Berlusconi doutsécher och net; Bulgarien, Rumänien, Polen kaum.

Wann Amerika dat seet awer, fille sech der vill zur Solidaritéit opgeruff, net wéinst dem Zil vun där militärescher Aktioun, mä ganz einfach well Amerika mat senger ganzer Aura rifft.

Här President, Groussbritannien ass duerch seng Geschicht, seng Sprooch, seng Liewensweis, seng Kultur ganz no bei Amerika, dëst onofhängeg wéi d'Regierungen dës Säit oder déi Säit vum Atlantik ausgesinn. Um Regierungsplang ass et dës Kéier jo och net anescht.

Italien, Spuenien, Portugal, Dänemark an anerer hunn a jéngster Zäit Regierungskoalitioune kritt, wou e Mann wéi de President Bush als Virbild gëllt. Däitschland huet aus Grënn, déi mat senger Geschicht zesummenhänken, Grënn, déi amplifiéiert gi sinn an enger Wahlcampagne, mä net duerch dës Wahlcampagne a mengen Aen entstallt gi sinn, grouss Problemer mat Bedeelegungen u Waffegäng. Besser esou wéi ëmgedréint, fir dëst 80-Millioune-Vollek.

Frankräich an England, Frankräich an Amerika sinn och dës Kéier, wéi esou dacks schonn an der Geschicht, net op enger Wellelängt. D'Interesse vu Frankräich a vu Groussbritannien praffen am Irakkonflikt haart openaner.

Déi nei Länner aus Osteuropa hunn an der Hierarchie tëschent EU an NATO sech längst fir d'NATO entscheet. D'NATO ass Sécherheet fir si, d'NATO ass Amerika. Fazit: Amerika zitt aus ënnerschiddlechste Grënn wéi e Magnéit u villen EU-Länner.

D'Griewer vun den US-Zaldoten a Frankräich vum Éischten a vum Zweete Weltkrich musse geleeëntlech hierhalen, fir d'öffentlech Meenung géint déi Länner opzewigelen, déi net mat der Aart a Weis virzegoe vum Här Bush averstane sinn. Am Fong missten awer dës Griewer an dës Kierfechter aus deenen zwee Weltkricher am 20. Jorhonnert just de Géigendeel bewierken. Si missten den USA an och den Europäer soen, dass Krich alles hëlt wat de Mënsch huet, vu senger Éier bis zu sengem Liewen. Wann also den Doud vun Honnertdausende jonke Mënschen an deenen zwee Weltkricher net ëmsoss soll gewiescht sinn, da musse genee dës Griewer weisen, dass een net liichtfankeg, net muttwëlleg e sënnlose Krich op anere Plaze vun der Welt féiere kann an dobäi vergiessen, wat een uriicht.

Wien huet eis ale Westeuropäer, muss ee jo haut soen, 1945 gesot, dass d'Diplomatie, d'internationaalt Recht agebett musse ginn an international Organisatiounen, mat un der Spëtzt d'UNO? D'Amerikaner hunn eis jo dëse Wee virgezeechent. D'Vereenegt Natioune sinn entstanen. D'Diplomatie huet eng aner Qualitéit kritt, eng ganz aner Qualitéit wéi dat bis dohinner de Fall war. Stelle mer eis emol ee Moment vir an de 50er Joren, an de 60er Joren, an der Héichzäit vum kale Krich, oder och an de 70er Joren, wou d'Ostpolitik vum Willy Brandt entscheedend Schrëtt gemaach huet, fir eben den Osten an de Weste méi no unenaner ze bréngen, oder och bei der Kubakris, et wieren esou Statsmänner un der Muecht gewiescht a grousse Länner, déi esou aggressiv an esou stur reagéiert hätten, wéi elo d'Administratioun Bush. Domadder wier d'Mënschheet schonn deemools schnurstracks an en drëtte Weltkrich gezerrt ginn.

D'Diplomatie ass de Géigepart vum Krich. Am Fall Irakkonflikt ass d'Diplomatie nach laang net auszeräissen. Krich wier een Affront géint d'Diplomatie. Krich wier en Attentat op d'Diplomatie. Mam däitschen Ausseminister Fischer muss ee froen, éischtens emol: Huet d'Diplomatie, zënter dass d'UNO-Inspekteren am Irak sinn, um Terrain, a Saache Waffevernichtung Fortschrëtter gemaach? Äntwert kloer: Jo!

Zweet Fro: Sinn all Méiglechkeete vun der Inspektioun ofgeschloss? Äntwert kloer: Neen!

Also ass et dach net responsabel dauernd vu Game over ze schwätzen, wéi den Här Bush. Et muss ee sech froen, ob d'amerikanesch Regierung duerch d'Inspektioun Krich verhënnere wëllt oder Krich justifiéiere wëllt. Nun, d'Europäesch Unioun huet jo zu Bréissel en typesche Kompromiss ausgeschafft, e Kompromiss deem säi Wäert, wat de Fong ugëtt, all Interpretatiounsméiglechkeeten opléisst. De griichesche Premier Costa Simitis huet keng Ustrengung gescheit, fir wéinegstens dat Resultat fäerdeg ze bréngen.

Dëse Kompromiss verkierpert dat wat d'Europäesch Unioun a Saachen Aussepolitik ze bidden huet, nämlech divers Interessegemeinschaften nationaler Natur.

Den Här Bush kann no Bréissel, Madame Polfer, weider soen, dass den Här Tony Blair aussergewéinleche Courage hat an dass d'Häre Chirac a Schröder zum alen europäeschen Eise weider gehéieren.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Aus der Siicht vun eiser Partei ass dëse Kompromiss wuel net sënnlos, allerdéngs hätt dës EU-Positioun, fir wierklech eppes Gräifbares duerzestellen, eng europäesch Démarche fir déi zwee Länner, Frankräich a Groussbritannien, déi jo am UNO-Weltsécherheetsrot mat Veto-Recht sëtzen, fir déi aner EU-Länner an deem Rot missten ustriewen. D'Suite vun där Prozedur, an där mer dra sinn, spillt sech mat gréisster Wahrscheinlechkeet am Weltsécherheetsrot of. Aso misst d'EU eigentlech eng EU-Strategie hunn. Si huet leider nëmmen Nationalstrategien, wéi et och net anescht ze erwaarde war.

No dëser Kris, a spéitstens bei den Europaparlamentswahlen am Joer 2004, muss d'Europäesch Unioun, wa se sech selwer nach eescht hëlt, hir Strategie, hir Démarche, hiren Aflosspegel op der Weltbühn als Unioun iwwerdenken, wa se sech dem Wieler zur Wahl stellt.

Nun, Här President, mir sinn hei am Lëtzebuerger Parlament. D'Lëtzebuerger Demokratie, déi parlamentaresch Demokratie, ass kee Wagon-lit, wou ee soll feierlech ageschlof ginn. Dofir wëll ech mech an haarden an a klore Wierder mat der Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung ausenanersetzen.

Spillt Lëtzebuerg als klengsten EU-Member, deen eenzegen, dee jo kee militäresche Potenzial huet, eng Roll am europäesche Kontext an där Fro? Äntwert: Onbedéngt, esou wäit mer nach eng Europaan Aussepolitik wëllen hunn.

Ass d'Lëtzebuerger Innenpolitik am Positionnement vu senger Regierung an dëser Fro gefuerdert? Äntwert: All demokratescht Versteesdemech verbitt de Contraire. Wéi dacks hu mer de Lëtzebuerger Premier héiere soen, dass Europapolitik an all senge Facetten Innenpolitik wier. Mä wann et net an de Krom passt, dann héiert ee Freides mëttes, dass et falsch wier d'Thema vum Irakkonflikt, wat jo wéi keen anert een Thema ass vun EU-Politik, ze innenpolitiséieren. Nëmmen an enger Bananne repu blik gëtt net iwwert dëst Thema diskutéiert, an d'Schwësteren an d'Bridder, souwuel chëschtlechersäits wéi liberalersäits an Däitschland zum Beispill, hu sech bestëmmt kee Keuschheitsgürtel an dëser Fro selwer operluecht. Bien au contraire.

Also, Här President, mir wäerten eis an där Fro do selbstverständlech kee Maulkuerf undoe loossen.

Huet d'Lëtzebuerger Regierung virum Sommet vu Bréissel eng Positioun gehat, notamment an der Démarche am Weltsécherheetsrot? Äntwert kloer: Neen, an ech wäert mech explizéieren. Huet d'Lëtzebuerger Regierung virum Sommet vu Bréissel eng kloer Positioun gehat par rapport zu enger unilateraler Interventioun vun den USA am Irak? Äntwert kloer: Neen.

Wou stoung d'Lëtzebuerger Regierung par rapport zu deenen, déi Amerika-trei alles matmaachen, wat de President Bush décidéiert, an deenen, déi wéi Däitschland, Frankräich an d'Belsch, sech gewiert hunn? Äntwert: Néierens, am Niemandsland.

Dir Dammen an Dir Häre, liest de Monde, liest d'Libération vum 14. respektiv vum 15. Februar. Do stellen d'Journalisten dëst objektiv fest aus der Distanz gesinn. Kann een, wann een eescht geholl wëllt ginn an esou enger Fro, tëschent de Still sëtzen, ier e Kompromiss ausgeschafft gëtt? Äntwert: Neen!

Weder déi eng nach déi aner huelen een da fir eescht. Et gëtt e Kompromiss ausgeschafft an et ass een net derbäi. A Saache Krich a Krichsverhënneren ass een entweder schwanger oder et ass een et net. Et kann een net iwwerall sinn an néierens. Wou hätt d'Lëtzebuerger Regierung sech also misse situéiere viru Bréissel? Dat ass déi Fro, déi d'Lëtzebuerger och dobaussen interesséiert. Äntwert ganz kloer: Bei den Däitschen, bei de Fransousen a bei de Belsch.

Eisen direkten Noperen, deenen ee kënnt vläicht am allermannsten Anti-Amerikanismus am Fong duergeheien, well si de Courage hunn - si haten de Courage a si hunn de Courage -, dem Här Bush de Spigel dohinner ze halen. Lëtzebuerg awer stoung hannert dem Spigel, de Kapp an de Sand ze strecken, ouni Courage, ouni Wäitsiicht.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech kommen och zu dësem Zäitpunkt net derlaanscht - well hei jo eng lieweg Demokratie ass an de Statsminister gären Débaten huet -, e puer Sätz iwwert de Regierungssprecher Jean-Claude Juncker a Saachen Irakkonflikt nom Ministerrot vum 14. Februar ze soen.

An anere Länner ass de Premier net Regierungssprecher, nu bei eis, dat wësse mer, ass jo säit längerem de Premier säin eegenen Impressario. Op där Freides-Mëttes-Bühn produzéiert dëse Regierungssprecher dann déi séileg Zoustänn, d'Aversiounen, d'Freed, d'Léift zur Muecht, wéi och den Haass géint déi, déi em woen ze widderspriechen, also d'Oppositioun an déi CSV-Ongleeweg am Land vum Premier Jean-Claude Juncker. Dëst schizoid, also op Lëtzebuergesch gesot, séileg zerrassen Astellung vum Personnage Jean-Claude Juncker, ergëtt dann esou Nummere wéi d'Lëtzebuerger se Freides owes als humoristeschen Apperitif zum Week-End no den Déck-Käpp um Radio gären héieren.

***(Hilarité et interruptions)***

D'Chamber ass a mengen Aen een ze héicht Haus, fir ze laang dee léifsten Ausdrock vum Franz-Josef Strauss, an zwar „Hinterfotzigkeit", hei ze debattéieren. „Hinterfotzigkeit" ass een Ausdrock, deen an CSU-Kreeser am Wildbad-Kreuth-Eck, an der Zäit vum Här Strauss, dacks ze héiere war.

Hei bei eis ass deen Ausdrock vun der Hinterfotzigkeit jo net esou geleefeg am Sproochgebrauch. Mä den Här Juncker, deen dësen Ausdrock um Briefing vum 14. Februar 2002 gebraucht huet, setzt sech eben dofir an, dass déi teutonesch-bajuwaresch ausgefale Wierder net verluer ginn; a wann dat an Däitschland schwéier ass, da wéinstens hei bei eis.

***(Interruptions diverses et brouhaha général)***

Dat ass nun eben Europa, dëst am Interesse vum fortschrëttleche Wortschatz aus der Chrëschtdemokratie.

A Saache Revanche, déi den Här Juncker ugekënnegt huet, wëllt ech zwou Saache soen. Éischtens. De Langage vun der Revanche, der schrecklecher Revanche, wéi hien dat gesot huet, ass hoergenee d'Abziehbild, selbstverständlech op engem aneren Niveau, mä et ass et, vum Här Bush a vum Här Saddam Hussein hiren Drohungen zënter Méint.

***(Interruptions diverses et brouhaha général)***

Ech weess net ob de Regierungssprecher Juncker dem Premier Juncker domadder e grousse Gefale mécht.

Zweetens. Ech roden dem Premier Juncker sengem Regierungssprecher bäizebréngen, dass een de Mond viru Wahlen net soll vollhuelen mat Revanche-Erklärungen, et ass scho virkomm an der Demokratie, dass de Wieler Revanche geholl huet un deenen déi d'Revanche ugekënnegt hunn, an dat kënnt dem Premier Juncker mat sengem Regierungssprecher Juncker net ganz gutt bekommen.

***(Interruptions)***

Här Weiler, schreift dat, wat Der do sot, an Ären CSV-Espresso, a lauschtert elo mol no.

Zur Saach: Kee vun der LSAP huet dem Här Juncker…

***(Interruptions et brouhaha général)***

Une voix.- Här President, rufft dach emol zur Uerdnung! Dir rufft eis och ëmmer zur Uerdnung. Da rufft si elo och emol zur Uerdnung.

M. le Président.- Mä ech mengen Iech misst ech fir d'éischt zur Uerdnung ruffen, well Dir sidd deen deen am meeschten ënnerbrécht.

***(Hilarité et interruptions)***

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Kee vun der LSAP huet dem Här Juncker Krichsdreiwerei virgehäit. Keen. Mir hunn dem Här Juncker eppes ganz aneschters gesot. Mä, och hei muss een déi bekannten Taktik vum Här Juncker kloer un de Pranger stellen. Beim Débat iwwert déi sougenannten Telefonsaffär am Joer 2000…

***(Interruptions diverses)***

Sot, Här President, ass d'CSV-Fraktioun amgaange mer hei d'Wuert ze verbidden, oder wat féiere se op? Da lauschtert no. Wann Dir Iech net wëllt domat ausenaner setzen, da gitt eraus.

***(Brouhaha général)***

Beim Débat iwwert déi sougenannten Telefonsaffär am Joer 2000 zum Beispill, hat ech fir eis Partei gesot, dass ee Justizminister, deen de Risiko ageet fir de Responsabele vun der Justiz e Maulkuerf unzedinn, wat jo an enger Circulaire ministérielle deemools gewënscht gi war, an der Mentalitéit sech selwer an d'30er Joren zréckversetzt.

Den Här Juncker huet meng Aussoen als infekt bezeechent. Deemools hunn ech mech aschüchtere gelooss. Haut, Här President, ass dee Stadium iwwerwonnen, dat gräift net méi. Och déi, déi sech fir d'Lex Greenpeace asetzen, Här Juncker, déi loosse sech och net aschüchtere vun Ärem Saz, wou Dir gesot hutt: „Et bräicht keen hei am Land ze behaapten, Dir wëllt e Faschist genannt ginn", och dat huet kee gesot, Här Juncker.

***(Interrtuption)***

Genee wéi kee vun der LSAP gesot huet, den Här Juncker wier ee Krichsdreiwer. Mir hunn dem Här Juncker an der Regierung gesot, dass wann all Land - an ech widderhuelen et ganz däitlech nach eng Kéier - an der Europäescher Unioun sech esou verhalen hätt wéi d'Lëtzebuerger Regierung, also keng kloer Sprooch géint d'Absichte vun der Bush-Administratioun gefouert hätt, an de leschte Méint an an de leschte Wochen, da wier de Krich mat grousser Wahrscheinlechkeet schonn amgaangen.

Also, ouni déi couragéiert Positioune vun de Regierungen aus Frankräich, Däitschland an der Belsch, wier d'Gefor vum Krich scho laang Realitéit. Dëst ass eng Ausso déi, ob se elo gefält oder net, eng politesch Appréciatioun ass, déi eis Partei sech net verbidde léisst. Si ass richteg, a well se richteg ass, muss se och widderholl ginn.

Et war fir virum Bréisseler Sommet a virun der Debatt am Weltsécherheetsrot Stellung ze bezéien. Firwat ass Lëtzebuerg net bei deenen, wou d'Leit an hirem Land gesot hunn, dass se houfreg iwwert d'Positioun vun hirer Regierung wieren? Hei hunn ech keen héieren, bei all deenen déi de 15. op der Strooss waren, dat soen.

A puncto NATO ware mer am Januar ee Moment op där richteger Säit, bei de Fransousen, bei de Belsch a bei den Däitschen. Kuerz drop liese mer dass d'Lëtzebuerger Diplomatie, opgrond vun enger Debatt an der Chamber, wou ech ni wousst wéini dass déi sollt stattfonnt hunn, sech désolidariséiert hätt. Wou war déi Debatt, Här President? D'Ausseministesch, d'Madame Polfer, sollt eis hei an och de Lëtzebuerger soen, wat dann elo de wierkleche Grond ass, dass mer vun deenen dräi couragéierte Länner en principe ofgeréckelt sinn. Iwwregens ass d'Madame Polfer jo Presidentin vun der Demokratescher Partei, souwäit et d'Demokratesch Partei nach gëtt.

***(Hilarité et interruptions)***

Dës Partei mécht Communiquéen, am Sënn wéi déi obligatoresch Längt vun de Pegelen um Stausee soll sinn, mä an der Irakfro hunn ech nach keng kloer Positioun vun hir héieren. D'DP ass an där Fro weder an der Regierung present, nach an der Chamber, nach op der Strooss. Dofir, wou ass déi grouss dialogfreedeg, transparent Partei, déi mam Bierger eng Allianz agaange wier, fir hir Interessen an der Lëtzebuerger Politik ze vertrieden.

Et ass ebe méi schwéier, Här President, sech an esou Theme wéi dem Irakkonflikt ze situéieren, wéi um Riedche vum Punktwäert ze dréien, fir sech iwwerall de schéine Männchen ze maachen.

Als LSAP hate mer der Regierung schonn den 10. Oktober 2002 an enger Motioun d'Méiglechkeet ginn, eng kloer Positioun hei am Parlament ze bezéien; a mer si jo eng parlamentaresch Demokratie. Dëst also zu engem Zäitpunkt wou et seriö ginn ass. Mir haten d'Regierung gefrot « de s'abstenir au soutien de toute action non couverte par un mandat du Conseil de Sé-

curité des Nations Unies ». Dës Motioun ass ofgeleent ginn, well d'Regierung eng kloer Positioun refuséiert huet. D'Argumenter ware schwach a wackeleg, mä den Här Ripppinger huet gesot, eis Motioun ass e bësse méi komplett. Dobäi hate se d'LSAP-Motioun ratzekal ofgeschriwwen a just dee wichtegsten, de leschte Saz verbessert, dee Saz deen all unilateral Aktioun verbitt.

Den 30. Januar hei an der Chamber hu mer nees an enger Motioun gefuerdert « à demander au Gouvernement américain de s'abstenir de toute action militaire unilatérale contre l'Irak et de respecter les principes du droit international ». An zweetens « à s'exprimer publiquement contre toute participation dans une action militaire menée contre l'Irak au cas où la solution aux problèmes liés à l'Irak n'est pas recherchée dans la stricte application de la Charte des Nations Unies et des résolutions du Conseil des Nations Unies ».

Här President, ech stelle just fest, dass och deemools Verleeënheetsrieden hei gehale gi sinn, an dass och deemools déi Majoritéitsdeputéierte lavéiert hunn, schwadronnéiert hunn a si hunn eis Motioun erëm eng Kéier ofgeleent; an da soll dann een hei behaapten, d'Regierung hätt ëmmer eng Linn gehat. Och dës Motioun ass, wéi gesot, vun de Regierungsparteien net ugeholl ginn, obschonn awer deeselwechten Dag, wéi mer dat diskutéiert hunn, den Här Bush gesot huet, coûte que coûte, wann d'UNO net wëllt mat marschéieren, da maache mir eng unilateral Interventioun.

Schliesslech hu mer jo hei an der Chamber den 10. Februar 2003, e puer Deeg virun der Demonstratioun de 15. Februar, also virum Sommet vu Bréissel, nach eng Kéier iwwert den Irak geschwat, a keng däitlech Positioun ass vun der Lëtzebuerger Regierung gesot ginn. D'Lëtzebuerger Regierung ass ouni Positioun op Bréissel gaangen.

An dat seet net d'politesch Oppositioun hei zu Lëtzebuerg, dat seet den Här Erny Gillen an dat seet den Här Jean-Claude Reding, déi d'Spriecher waren op der Demonstratioun. A praktesch alle Medien ass dat festgehale ginn, ausländnesch Journalisten hunn dat och bestätegt, an ech hunn der och schonn zitéiert. Lëtzebuerg war op deem Punkt e wäisse Fleck op der Landkaart.

Fir kloer ze sinn, Här President, de Lëtzebuerger Premier, deen d'Ënnerschrëft vun deenen aacht Europäer, déi sech zum President Bush geschloen hunn, nëmmen an der Form kritiséiert huet, deen Däitschland, Frankräich an der Belsch awer ze verstoe ginn huet, dass een hir Démarche verstoe géif. Hien, deen net an enger Krichslogik wëllt sinn, mä dem President Bush net seet dass hie falsch läit, wann hie seet Game over. Et gëtt Statspresidenten an et gëtt Premieren an Europa, déi geäntwert hu wéi den Här Bush gesot huet Game over, notamment de franséischen. Deen huet gesot: „The game is not over" an hien huet och gesot: „It's not a game". Dat ass, mengen ech, e Mann, dee Fuerf bekannt huet.

Fait ass a bleift also, dass wann all Land - dat ass meng Konklusioun zu där Fro - esou amorphe, esou multipolaire an hirer Positioun agéiert hätt wéi d'Lëtzebuerger Regierung bis dato, dëst am strikte Géigendeel zu Däitschland, Frankräich an der Belsch, eisen direkten Noperen, gemaach huet, da wier längst Krich. Dann hätten d'Häre Cheney a Rumsfeld an d'Madame Rice, mam Här Bush un der Spëtzt, ouni dass Inspekteren am Irak gewiescht wieren, schonn zougeschloen.

Här President, d'LSAP ass dofir, dass de Saddam Hussein entwaffnet gëtt, dass all Waffepotenzial dësem Diktator aus den Hänn geholl gëtt, dass also d'Inspekteren d'Mëttelen an d'Zäit kréie fir ze inspektéieren, Zerstéierungen opzezwéngen a se ze iwwerwaachen. Dëst Ganzt muss a regelméissegen Ofstänn dem Weltsécherheetsrot virgedroen an dokumentéiert ginn. D'LSAP seet haut, dass keng zweet Resolutioun no der 1441 néideg ass, dass opgrond vun dëser Resolutioun d'Mëttele fir ze inspektéiere verstäerkt musse ginn an d'Zäit, déi néideg ass, och zur Verfügung muss gestallt ginn. Et ass also de Memorandum vu Frankräich, ënnerstëtzt vun anere grousse Länner, deen och d'Ënnerstëtzung verdéngt vu Lëtzebuerg.

D'LSAP seet och, dass ënnert den Erkenntnisser, déi haut virleien, keng Krichsaktioun am Irak ze rechtfertegen ass, ouni - selbstverständlech -, mä och mat UNO-Mandat. Ech explizéiere mech. Kuckt een d'Pressiounen, déi vu Washington ausgi fir de Feu vert fir de Krich ze kréien, dann huet dës Drockdiplomatie näischt mat Humanismus, der Verteidegung vun de Mënscherechter am Irak oder der Bekämpfung vum internationalen Terrorismus ze dinn. D'Bedrohungspotenzial, dat vum Irak ausgeet, an d'Verhältnismëissegkeet vun de Mëttele schwätze kloer géint e Krich an ech hunn hei ausgefouert, dass de Risiko vum Embrasement am Noen Oste riseg ass, wann et zur militärescher Aktioun vun den USA an anere komme sollt.

Mir wëssen, dass an der UNO-Charta eng militäresch Aktioun ënner ganz prezise Bedingunge virgesinn ass. Dëse Prinzip wëlle mir hei net generell ënnerhielegen. Am Fall, wéi et beim Irakkonflikt awer elo leeft, si mer awer zur Konklusioun komm, dass déi amerikanesch Regierung dëse Krich längst décidéiert huet an an der Inspektioun, wéi ech gesot hunn, éischter eng Justificatioun fir e Krich gesäit wéi fir de Krich ze verhënneren. Dat kënne mir, nach eng Kéier, mat de Kenntnisser vun haut, net cautionnéieren.

Här President, mat där Astellung si mer net eleng, weder op der Welt nach an der Europäescher Unioun oder am Land. Déi chrëschtlech Kierchen zum Beispill, déi jo an de leschte 50 Joer bäigeléiert hunn, mä awer och déi, déi d'Gefore vun engem Preventivschlag kategoresch ofweisen aus moralesche wéi aus politesche Grënn, aus Angscht dass zum Beispill Indien oder de Pakistan, déi béid d'Atomwaff hunn, sech vun esou enger Doctrine inspiréiere kéinten, raisonnéieren d'selwecht.

An der Literatur gëtt et masseg ze liesen iwwert d'Philosophie vum Krich a vum Fridden, net zulescht well de Krich esou al ass wéi d'Mënsche selwer. E puer Jordausende viru Christus huet den Sun Tsu gelieft. Hie war en héije Militärstrateg an och e Philosoph. Seng Schlësselerkenntnis war folgend: „Dee beschte Krichshär ass deen, deen duerch säi politescht Talent e Krich verhënnert. Honnertmol gewannen", sot hien, „an honnert Schluechten, dat ass net déi héchste Konscht. Déi héchste Konscht ass säi Feind ouni Krich ze bezwéngen."

Um 9 Auer 10 haut de Moie war et kloer, endlech kloer, dass d'Lëtzebuerger Regierung géint d'Initiativ vun Amerika, England a Spuenien ass. Um 9 Auer 25 war dat net méi esou kloer. Duerfir wëlle mir elo, dass d'Lëtzebuerger Regierung endlech Fuerf bekennt. Eis Motioun invitéiert fir d'„Initiative française" vum Memorandum ze ënnerstëtzen.

Här President, ech ginn lech déi Motioun hei an ech soen lech merci.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- réaffirmant que le désarmement complet de l'Irak est l'objectif commun de la communauté internationale et que les Nations unies constituent le seul cadre légitime pour en traiter;*

*- appelant les autorités irakiennes à apporter une coopération immédiate, active et sans réserve aux équipes d'inspecteurs des Nations unies;*

*- consciente de la nécessité de continuer à exercer une pression soutenue pour amener les autorités irakiennes à se conformer à ses obligations;*

*- considérant que le Conseil de Sécurité de l'ONU vient d'être saisi d'un projet de deuxième résolution déposé par les Etats-Unis et coparrainé par la Grande-Bretagne et l'Espagne, dans lequel le Conseil «décide» que l'Irak a dorénavant manqué de saisir la dernière chance qui lui était offerte dans la résolution 1441 et, partant, autorise l'action militaire;*

*- considérant en contrepartie, le mémorandum informel proposé par la France et soutenu par l'Allemagne, suggérant des mesures de nature à accroître l'efficacité et la rapidité des inspections;*

*- soulignant que tout doit être fait pour éviter le recours à la force armée;*

*invite le Gouvernement*

*- à plaider en faveur de la poursuite des inspections et au renforcement substantiel de leurs moyens humains et techniques, dans le cadre de la résolution 1441 du Conseil de Sécurité des Nations unies, dont toutes les possibilités n'ont pas encore été exploitées;*

*- à soutenir dès lors, sans délai, le mémorandum d'initiative française, et par conséquent, à s'opposer au projet de deuxième résolution sur l'Irak tant que toutes les voies politiques et diplomatiques ne sont pas explorées en vue d'assurer un règlement pacifique du conflit.*

*(s.) Jean Asselborn, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux.*

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Fir datt hien an der Debatt méi séier virukënnt, kann den Här Asselborn vläicht a fënnef, sechs Minutten déi franséisch, däitsch a russesch Initiativ am Detail erläuteren.

Une voix.- Très bien.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här President, mir sinn net hei am Oral. Den Här Juncker soll dat maachen, wat hien am beschte kann.

***(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)***

Une voix.- Dir kennt se dach.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- De Memorandum vun de Fransousen, dee vun den Däitschen, de Russen an och vun de Chinesen ënnerstëtzt gëtt, ass eng Initiativ, fir dass wierklech déi Leit, déi d'Inspektioun maachen, d'Zäit kréien an d'Mëttele kréie fir dass um friddleche Wee dee Konflikt ze léisen ass. Dat ass dat, wat an deem Memorandum de Sënn ass vun där Démarche.

***(Interruptions diverses)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Do brauch ee keng sechs Minutten.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Hu mir dann iergendeppes aneschters gesot?

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jean-Paul Rippinger.

***(Interruptions)***

Ech bieden lech roueg ze sinn an elo dem nächste Riedner nozelauschteren.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Et sinn och nach Leit, deene Saache gefalen, déi lech net gefalen, Här Strotz!

***(Interruptions et hilarité)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no der Interventioun vu mengem Virriedner wëll ech mech erëm deem Eescht vun dem Sujet zouwenden.

***(Interruption)***

Do kommen ech net ëmhin lech ze soen: Déi Demokratesch Partei ass fir de Fridden a wëllt kee Krich.

***(Brouhaha général)***

Déi Demokratesch Partei ass mat hirem Koalitiounspartner, der CSV...

***(Interruptions)***

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Firwat gëtt d'LSAP dann elo esou nervös?

***(Hilarité)***

Une voix.- Et ass net nervös, et ass lächerlech.

***(Brouhaha général)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Déi Demokratesch Partei ass mat hirem Koalitiounspartner, der CSV an enger Regierung,...

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Ech géif lech biede roueg ze sinn an dem Riedner nozelauschteren.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- ...déi och kee Krich wëllt, och elo a besonnesch elo am Konflikt mam Irak. Dat ass keng eidel Floskel. Eis Regierung huet och deemno gehandelt an deem Sënn an op dat Zil hi war d'Positioun souwuel vum Statsminister, wéi vun der Ausseministerin, vun Ufank u kloer a si ass duerch d'Konklusioune vum Conseil européen vum leschte 17. Februar an duerch hir Ënnerschréft op dësem Dokument bestätegt ginn. Haut an dësem Débat de consultation an no der Interventioun vun dem Statsminister, dem Här Juncker, a vun der Madame Polfer, hu si dat erëm op eng eklatant Aart a Weis ënner Beweis gestallt. De Message, dee si haut ginn hunn, ass ganz kloer.

D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei ënnerstëtzt ausdrécklech déi Haltung a si steet geschlossen hannert der Regierung. Och eis Fraktioun wëllt kee Krich am Irak, an dat net eréischt säit dem leschte 15. Februar, wou Millioune vu Mënschen an alle Kontinente vun dëser Welt fir de Fridde manifestéiert hunn an op d'Strooss gaange sinn. D'Geschicht vun eiser Partei, déi aus de Resistenzbewegunge vum Zweete Weltkrich ervirgaangen ass, beweist an ënnersträicht dat mat Nodrock. Mir brauchen also vu kengem eng Lektioun ze kréien, wann et drëm geet tëschent Krich a Fridden ze wielen. Ech weess hei am Land an och hei an dësem Parlament sti mir net eleng do mat där Attitüd, an dat ass och gutt esou.

Mir sinn an dëser internationaler irakescher Kris an enger Situatioun, déi vun Dag zu Dag évoluéiert, wou een haut net soe kann, wat da mar effektiv geschéie kann. Dofir kann eis och dësen Débat haut net zu enger definitiver Prise de position zwéngen. Krich däerf awer ni e Mëttel zum Zweck sinn, well Krich ass schlussendlech ëmmer d'Resultat oder d'Konklusioun vun engem Echec, notamment am Bestriewe sech un d'Regele vum internationale Völkerrecht ze halen a virun allem op diplomateschem Wee all Méiglechkeeten auszeschöpfen eng Krisis ze meeschteren.

Mä leider ass et esou, dass et meeschtens Diktature sinn, déi kee Respekt virun der Fräiheet vum Eenzelnen an de Grondrechter vun de Mënschen hunn, déi e Krich eropbeschwieren. De Schlëssel fir dës Irakkris ze entschäerfen an e Krich ze vermeide läit awer eenzeg an eleng beim Saddam Hussein. Mir kënnen haut nëmmen hoffen, dass dësen Diktator a säi Regime dach nach hirem Vollek Zerstéierung a Leed erspuere wëllen. Hien ass jo e Wiederholungstäter, well hien 1991 schonns eng Kéier e Krich provozéiert huet mat all deene katastrophale Folgen, déi dat fir d'irakescht Vollek an déi ganz Regioun eropbeschwiert huet.

Hien ass deen Eenzegen, deen eng friddlech Léisung erbäiféiere kann an och haut nach e Krich vermeide kann, wann hie vollstänneg an ëmfangräich mat den UNO-Inspektere kooperéiert.

Wat wëllt déi international Communautéit? A wat wëlle mir Lëtzebuerger als een intim klengen Deel vun dëser Völkergemeinschaft? Mä dës Völkergemeinschaft wëll, dass de Saddam Hussein alleguerte seng biologesch a chemesch Waffeprogrammer oppen duerleet an zerstéiert. D'international Communautéit wëll, dass de Regime zu Bagdad noweist, wat mat deene Waffeprogrammer geschitt ass vun deenen d'Waffeninspektere Kenntnis haten, éier se 1998 aus dem Irak hu misse fortgoen. Dat ass dat, wat nach eng Kéier an der Resolutioun 1441 vum leschten 8. November verlaangt gëtt. Dat ass dat, wat d'Europäesch Unioun ënnerstëtzt.

D'Konklusioune vum Conseil européen vum 17. Februar, déi nach bis zum heitegen Dag hir Gültegkeet hunn, hale fest, déi total a reell Entwaffnung vum Saddam, an dat soll op engem friddleche Wee geschéien. Ech zitéieren: „L'objectif de l'Union en ce qui concerne l'Irak demeure le désarmement total et effectif de ce pays conformément aux résolutions pertinentes du Conseil de Sécurité des Nations Unies. Nous souhaitons atteindre cet objectif de manière pacifique."

Et ass dat wat déi europäesch Völkergemeinschaft, also och mir, wëllen. „La guerre n'est pas inévitable. La force ne devrait être utilisée qu'en dernier recours", steet do dran. An dann e ganz besonnesche Saz, deen ech mer erlaben hei nach ze widderhuelen an ze zitéieren: „Il appartient au régime irakien de mettre un terme à cette crise en se conformant aux exigences du Conseil de Sécurité." An et ass wichteg dee Saz ze ënnersträichen, well en de Problem ganz kloer op de Punkt bréngt. Et ass de Saddam Hussein a säi Regime déi dofir verantwortlech sinn, wann de Krich als allerlescht Instanz net méi ze vermeide wär.

Wien huet sech säit dem Enn vum Golfkrich iwwert d'UNO-Resolutiounen ewechgesat? Wie verfügt iwwer Massevernichtungswaffen, déi hie schonns laang net méi däerft hunn an déi e schonns laang net méi produzéieren däerf? Et ass d'Völkergemeinschaft, déi duerch d'Instrument vum Conseil de Sécurité vun der UNO nom Golfkrich décidéiert huet, dass de Regime vu Bagdad ofrüste misst. Et ass erëm d'Völkergemeinschaft déi unanimement iwwert de Wee vun dem Conseil de Sécurité vun der UNO décidéiert huet, an hirer Resolutioun 1441, dass den Irak oppen a bedingungslos kooperéiere misst.

Wa mer vun allen diplomatesche Moyene schwätzen, dann ass et och kloer, dass déi eng militäresch Komponent hunn, also als lescht Instanz d'Uwendung vun der Gewalt. Kee kann haut behaapten, dass den Irak neien Inspektiounen zougestëmmt hätt, wann net dee staarken internationale mä och militäreschen Drock bestanen hätt. Esou ze soen d'Menace vum Krich

oder d'Menace vun enger militärescher Interventioun fir eben de Krich ze vermeiden. Et ass nëmmen d'Undroung vun enger militärescher Interventioun, déi d'Kontrolle vun den UNO-Inspekteren erméiglecht huet an dass hir Missiounen och konnten erweidert ginn.

Här President, de leschte 15. Februar hunn d'Leit uechtert d'ganz Welt op eng impressionant Manéier bewisen, dass si kee Krich wëllen. Och hei zu Lëtzebuerg waren Dausende vu Leit, jonker an aler, op der Strooss. Dat ass kloer een Optrag un eis Regierung an un hir international Partner, fir alles ze maache fir e Krich ze vermeiden. An deen Optrag ass och ugeholl ginn, an dat schonns virum 15. Februar. Mä et ass net nëmmen en Optrag un eis Regierung, et ass och een un déi international Communautéit. Et ass virun allem och een Optrag un de Saddam Hussein, fir eng militäresch Interventioun ze vermeiden, andeem e sech un d'Oplage vun dem Conseil de Sécurité hält.

Tatsaach ass awer och, dass d'Regierunge vun dëser Welt d'Missioun hunn, d'Sécherheet vun hire Bierger ze garantéieren an doriwwer eraus agéiere solle fir d'geopolitesch Stabilitéit an eiser Welt ze garantéieren.

Tatsaach ass awer och, an dat ass och net vun der Hand ze weisen, dass de Regime vum Saddam Hussein eng Bedroung fir seng Leit, säi Vollek, d'Regioun, de Mëttleren Orient an doriwwer eraus fir d'ganz Welt duerstellt.

Et gëtt mat allen diplomateschen a militäreschen Drockmëttele versicht e Krich ze vermeiden. Dës Situatioun, wou dorops gewaart gëtt dass de Regime vu Bagdad all Dag vläicht e weidere klenge Schrëtt mécht, fir der Resolutioun 1441 gerecht ze ginn, kann awer net éiweg undaueren.

Et muss eng Limite an der Zäit ginn. Et gëtt Leit, déi d'Gefill net lass ginn, dass de Saddam Hussein schonns ze laang déi international Communautéit un der Nues erëmgefouert huet. Hie kann elo beweisen, dass et him eescht gemengt ass, andeem dass en dem Hans Blix senger Opfuerderung nokënnt an den 1. Mäerz d'Al-Samoud-2-Rakéiten, déi eng Räichwäit vun iwwer 150 km hunn, ufänkt ze zerstéieren. Mir gesi kee Widersproch doranner, dass d'Inspektioune weiderginn esou laang Resultater erziilt ginn. Den Drock op allen Niveauen muss awer weider oprecht erhale gi fir d'Waffeninspektiounen ze ënnerstëtzen.

Frankräich huet en zweete Memorandum am Conseil de Sécurité abruecht, dee proposéiert e klore Programm festzehalen, nodeems Resultater bei de Waffeninspektiounen erziilt sollte ginn. Däitschland a Russland ënnerstëtzen dat. Mir stellen also fest, dass déi Länner och der Meenung sinn, weider eng Léisung am Kader vun der internationaler Communautéit ze sichen, e Wee dee mir och ëmmer vertratt hunn, esou laang e Resultater bréngt.

D'Völkergemeinschaft huet sech nom Zweete Weltkrich en Instrument ginn, nämlech d'ONU an hire Conseil de Sécurité, fir Konflikter ze léisen, de Krich wa méiglech ze évitéieren a fir d'Gardienne vum geopoliteschen Equiliber an eiser Welt ze sinn. Alles dat wat sech momentan an der Irakfro deet geschitt ënnert der Egide, der sougenannter Schirmherrschaft, vun der UNO, an dofir soll och alles dru gesat gi fir eng Léisung am Kader vun der UNO ze fannen. Dës Situatioun verlaangt, dass ee beduecht handelt. Mir wëllen e Krich verhënneren, mir wëllen awer och dass keng Gefore vum Irak géint d'Regioun vum Moyen-Orient a géint d'Welt ausginn.

Här President, dës Kris déi, esou wéi mir alleguerten hoffen, eng friddlech Léisung fanne soll, werft awer och eng aner Constatioun op. Mir liewen haut an enger Welt, wou ëmmer méi Geforen, Konflikter a Krisen, déi ënnerschiddlecher Natur sinn, bestinn oder riskéieren ze entstoen an déi gläichzäiteg musse géréiert ginn. Dat verlaangt, dass iwwer nei pazifistesch a kollektiv Instrumenter nogeduecht gëtt, déi et der Völkergemeinschaft erlabe solle sech deenen Erausfuerderungen ze stellen. D'Völkergemeinschaft steet also virun enger ganzer Rei vun neien Erausfuerderungen.

No dem Fall vun der Berliner Mauer ass d'Weltuerdnung eng aner ginn. Et sti sech net méi zwee grouss Bléck géinteniwwer, engersäits de Weste mat sengen Allianzen an anersäits Russland mat senge Verbündeten. Derbäi kënnt, dass nom 11. September, wou Amerika am Häerz getraff ginn ass, den internationalen Terrorismus an d'Diktaturen, déi et ënnerstëtzen, eng Menace duerstelle fir de Fridden an der Welt.

Mir als déi klengsten Natioun hunn eist derzu bäigedroen, wann ee bedenkt dass mer 0,84% vun eisem Budget un Entwécklungshëllef ginn, an obwuel mer esou winzig sinn, mer awer zu gläicher Zäit kënne stolz drop si Membre fondateur vun der CECA, der heiteger EU, Membre fondateur vun der UNO ze sinn, a mir waren och direkt derbäi bei der Kreatioun vun der NATO. Et ass also och duerch eis Geschicht, wou mer predestinéiert sinn iwwerall an ëmmer eis fir de Fridden anzesetzen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dausende vu Leit zu Lëtzebuerg, Milliounе Leit an der Welt, hunn de 15. Februar fir eng friddlech Léisung vum Irakkonflikt manifestéiert. E puer Deeg méi spéit hunn d'EU-Ausseministeren eng gemeinsam Resolutioun zum Irakkonflikt ugeholl, an där d'Prioritéit vun enger friddlecher Léisung iwwert de Wee vun enger Resolutioun zréckbehale gouf, wou d'Waffeninspektere sollten Zäit hu fir hir Inspektiounen ze maachen, wou awer och festgehale gouf, dass e Krich méiglech wier wann den Irak net géing kollaboréieren.

Mä schonns den Dag no dëser Resolutioun wor nees alles beim alen. De spuenesche Premier, den Här Aznar, reest op Mexiko, fir de mexikanesche President ze iwwerzeegen enger Krichsresolutioun am UNO-Sécherheetsrot zouzestëmmen, an den Här Tony Blair versicht zu Roum de Poopst ze iwwerzeegen, e Krich am Irak wier gerechtfertegt a moralesch.

An elo, éier dass de Rapport vun de Waffeninspektere virläit, ass vun der amerikanescher an der englescher Regierung schonns eng Resolution an der Négociatioun, wou gesot gëtt dass den Asaz vun de Waffeninspekteren näischt bruecht hätt an et wier un der Zäit dass d'Waffe sollte schwätzen. Mir si frou, dass Frankräich eng Géigepropositioun a Form vun engem Memorandum ausgeschafft huet, wou et zesumme mat Däitschland a Russland, fir nuren déi ze nennen, versicht déi Iddien duerchzebréngen.

An där ganzer Zäit gi mer awer och gewuer, dass d'Lëtzebuerger Regierung fir de Fridden ass, grad ewéi de President Bush, den Här Tony Blair, de President Chirac, de Kanzler Schröder. D'Lëtzebuerger Regierung ass och zefridde mat där EU-Resolutioun, vun där ech virdru geschwat hunn, déi zwar d'Prioritéite festleet vun de Waffeninspekteren a seet se sollten Zäit hunn ier dass d'Waffe sollte schwätzen, mä, wat onkloer ass, dat ass den Délai an deem dat Ganzt soll stattfannen. Déi eng, d'EU-Ministeren, gesinn e maximalen Délai vu 14 Deeg vir, déi aner imaginéiere sech, wa Fortschrëtter erziilt ginn, Délaie bis zu sechs Méint. D'Lëtzebuerger Regierung läit, wéinegstens hat ech d'Impressioun bis haut de Mueren, iergendwou dertëschent, wou, dat weess kee genau.

Mir verlaangen, dass d'Lëtzebuerger Regierung sech solidariséiert mat onsen Nopeschlänner Frankräich, Däitschland an der Belsch, an esou eng Haltung anhëlt, déi onsem Land zur Éier kënnt reechen.

A wann au contraire d'Regierung der Meenung ass, datt den Tony Blair an Europa déi richteg Haltung duerstellt, da soll se dat och soen. Da kënne mer hei an der Chamber eng kloer an däitlech Debatt féieren. Mä et huet een ëmmer d'Impressioun, datt d'Lëtzebuerger Regierung sech mat deem lëtzebuergesche Spréchwuert ganz gutt deet: Mësch dech an näischt, da kënns de an näischt.

Et ass awer Zäit, datt ee sech amëscht als Regierung, an als Land Positioun bezitt. Dir hutt, Här Statsminister, haut de Moien eng kloer Ausso gemaach, andeem Der gesot hutt, Dir wiert haut géint eng zweet Resolutioun am UNO-Sécherheetsrot. Dat war kloer, mä wéi ech d'Madame Ausseministerin héieren hunn, du si mer nees Zweifel komm, ob dat dann elo wierklech d'Attitüd vun der Regierung ass an ob net eventuell haut haut ass a net muer schonn nees eppes anescht. Dat ass dat wat net gutt ass an der Attitüd déi mer hunn. Et huet een d'Impressioun, datt zwee Leit d'Soen hunn an d'Politik definéieren an der Aussepolitik. Mir wéisste gären, ob déi Ausso vum Statsminister déi ass, déi Bestand huet, oder déi e bëssèlche seicht Aussoe vun der Madame Ausseministerin?

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, huet den Här Henckes dann der Madame Ausseminister net nogelauschtert?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech hunn hier justement nogelauschtert!

***(Brouhaha général)***

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Muss een Iech dann alles mole wat Der net wëllt zur Kenntnis huelen?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- De Mérite vum Här Statsminister ass, datt et kloer wor.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Sot mer: Wou sinn Är Onklorheeten? Ech géif lech gären äntwerten.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- D'Onklorheet läit doranner, Madame Ministerin, datt Der ganz vill ëm de Bräi geschwat hutt an datt herno, wann Der sollt soen: Wat fir e Standpunkt ënnerstëtzt Der?; Sidd Der dofir datt d'Lëtzebuerger Regierung e kloert Bekenntnis mécht géint d'amerikanesch Resolutioun a fir déi franséisch Resolutioun?, wann Der déi Ausso hei op der Tribün maacht, da si mer d'accord. Ech wollt just nëmme soen datt Är Ried, wéi se opgesat wor, héchstwahrscheinlech net mam Statsminister ofgeschwat wor an déi wor manner kloer. Et ass dat wat ech wollt ënnersträichen.

***(Interruptions)***

Voilà, dat war esou bësselche sech mat de Fransousen an de Belsch gutt halen a mat den Amerikaner gutt halen. Mësch dech an näischt, da kënns de an näischt. An dat ass déi Attitüd, déi mer net gutt fannen. Mir als ADR gehéiere garantéiert net zu de Pazifisten. Mir hunn am éischte Krich…

***(Hilarité)***

***(Interruptions diverses)***

Mir gehéieren zu deenen, déi de Krich am Afghanistan guttgeheescht hunn, déi fir den éischten Irakkrich woren, den Asaz am Balkan an och fir eng militäresch, europäesch Arméi antrieden. Mä et ass awer och kloer,…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dot de Stolhelm emol aus!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- …datt vun Ufank u mir der Meenung waren, an dat och an enger Resolutioun gesot hunn, datt eng militäresch Entwaffnung vum Irak misst duerchgesat ginn an datt eng militäresch Entwaffnung awer nure berechtegt wier, wann den Irak net géing kollaboréieren.

Den ADR huet keng Vokatioun fir iergendeen Diktator oder Saddam Hussein ze ënnerstëtzen, au contraire!

Mir wëssen och wat Amerika den amerikaneschen Zaldoten ze verdanken huet, déi fir ons Fräiheet gekämpft a gestuerwe sinn. Mir sinn net rosen op Amerika, mä mir sinn traureg, datt mer net mat hinnen zesummen um selwechte Wee kënnen eng besser Welt opbauen, eng Welt déi sech opbaut um internationale Recht an op der Prioritéit, fir Konflikter tëschent de Länner um diplomateschen an um friddleche Wee ze léisen. An datt dat méiglech ass, dat beweist d'UNO an dat beweist Amerika am Fall vun Nordkorea. Do besteet eng reell nuklear Gefor, mat interkontinentale Rakéiten, déi déi Gefor bis an den Occident an an Amerika an an Europa kënne bréngen. Do gëtt den diplomatesche Wee gesicht. Ass et well et do keen Uelech gëtt, oder well et do eng Millioun fanatiséiert Zaldote ginn? Mä do gëtt de militäresche Wee ausgeschloss an alles geet op den diplomatesche Wee.

Dofir froe mer ons: Firwat ass dat net méiglech mam Irak? Firwat geet den amerikanesche President hin an e mécht militäreschen Drock, deen u sech vläicht néideg ass, an dee muss ausgeübt ginn? Firwat geet deen esou wäit, datt den amerikanesche President op eng Kéier an enger Krichslogik dee ganzen Opmarsch do opmaache mécht? Dat ass d'Gefor, déi sech engagéiert, datt den amerikanesche President op eng Kéier net méi zréck kann an där Krichslogik, déi e sech opgebaut huet, an datt en deen Ablack een Alleingang kënnt versichen a géint de Wëlle vun der UNO kënnt agéieren.

Mir soe ganz kloer, a mir hätten och do gären eng Ausso vun der Lëtzebuerger Regierung, datt en Alleingang vun Amerika, géint de Wëlle vun der UNO, ouni en neit UNO-Mandat, Amerika zu engen Pays hors la loi internationale misst maachen.

Mir mengen datt am Irak alles muss gemaach gi fir de Saddam Hussein ze désarméieren, mä ënnert der Konditioun datt een och Waffe fënnt. Bis elo muss ee festhalen, datt d'Waffeninspekteren näischt fonnt hunn. Et gi keng Nuklearwaffen, keng biologesch a keng chemesch Waffe si bis elo fonnt ginn. Dat eenzegt, wat opgewise ginn ass, dat sinn e puer Rakéiten, déi 20 km iwwert dat erausschéisse wéi dat wat anscheinend virgesinn ass. Mä dat justifiéiert awer op jidde Fall kee Krich, e Krich deen Dausenden, vläicht Honnertdausende vu Leit am Irak direkt oder indirekt géif an den Doud dreiwen. Dat muss ee sech iwwerleeën, datt een an där Krichslogik net däerf schaffen. Mir bedaueren, datt eng Krichslogik géing e staarken Impuls fir den Terrorismus ginn, well alleguerten déi Doudeg, déi sech aus deem Krich do erginn, géifen héchstwahrscheinlech Ulass gi fir sech zu klenge Bin Laden ëmzewandelen.

Mir fannen och déi Aart a Weis falsch, wéi d'amerikanesch Regierung d'Problemer nom Krich wëllt léisen, andeem se en amerikanesche Generol, e Pro-Konsul oder Gauleiter als Chef vun dem neiem Irak, vun dem besatenen Irak géif hisetzen.

Ech mengen, dat ass grondfalsch. Dat ass en totaalt Mëssverständnis vun der Situatioun. Mir fäerten, datt am Fall vun engem Krich déi ganz Problematik tëschent de Kurden, de Sunniten an de Schiite sech wäert ausweiden, datt et wäert zu Kämpf kommen an datt herno d'Situatioun nach méi schlecht gëtt wéi elo. Dës Situatioun ass explosiv, an dofir menge mer datt en Asaz vu Waffe sech absolut net justifiéiert, esou laang wéi et iergendwéi nëmme méiglech ass fir den Irak friddlech ze désarméieren.

Mir mengen och, datt muss en Dialog tëschent de Musulmanen an de Chrëschte weider bestoe bleiwen. Esou en Dialog gëtt awer garantéiert net duerch de Krich gefördert. Mir si géint e Schock vun zwou Zivilisatiounen, well et ass esou wéi den Irakkrich dobaussen ëmfonnt gëtt, notamment an de musulmanesche Länner. Am éischten Irakkrich hat de President Bush 50 Natiounen aktiv op senger Säit fir den Irak an d'Knéien ze zwéngen an aus dem Kuwait eraus ze drécken. Haut besteet nuren eng kostspieleg Koalitioun vu Vasallen an Teppechhändler op Säite vum augenbléckleche President Bush. Et ass net mat esou Positiounen a mat esou Allianze wou een e Krich moralesch ka justifiéieren, an dofir hoffe mer datt d'Lëtzebuerger Regierung sech resolut a kloer bekennt op der Säit vu Frankräich a vun deene Länner, déi an deem Sënn wëllen um UNO-Sécherheetsrot agéieren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll, am Kader vu menger e bësse méi längerer Interventioun, zéng Punkten opwerfen, wou ech mengen datt dat déi zéng Punkte sinn déi eigentlech ëmschreiwen ëm wat datt et an dësem Konflikt geet.

Den éischte Punkt, dat ass, an dat wëll ech direkt vir ewech soen, et kann ee scho bal soen, e bëssèlchen déi Floskel ginn, déi jiddfereen, wann en iwwert dee Konflikt vum Irak schwätzt, vu vir eran ëmmer seet, an dofir soen ech deen natierlech och am Ufank, obschonn ech awer der Meenung sinn datt en, iwwert déi Floskel eraus, eng méi déifgehend Bedeitung huet. An dat ass selbstverständlech déi Feststellung, datt éischtens de Regime vum Irak eng Diktatur ass, datt zweetens ee Personnage wéi de Saddam Hussein virun d'Krichverbriechertribunal gehéiert an datt drëttens den Irak genau - an ech betounen - wéi all Land op der Welt an der Völkergemeinschaft op biologesch, chemesch oder soss Massevernichtungsmëttele muss verzichten. Dat ass fir eis als Gréng kloer an dat muss een, als éischt Viraussetzung, fir an d'Diskussioun eran ze klammen, betounen.

D'Fro déi sech allerdéngs haut am Kontext vum Irakregime stellt - iwwert dee mer jo hei schwätzen -, dat ass wéi dee Regime dohinner komm ass, wéi en zu deem ginn ass, wat en haut ass, wéi déi sougenannten Irakkris ugaangen ass, an och wéini déi sou genannten Irakkris ugefaangen huet. An ech mengen datt et wichteg ass, datt ech vläicht och mol erëm e bëssen an d'Gedächtnis vun deene meeschte Leit heibannen awer och dobaussen zréckruffen, datt d'Irakkris eigentlech net - wéi den Här Weiler eis dat virdrun hei versicht huet kloer ze maachen - 1990 mam Amarsch vum Irak an de Kuwait ugefaangen huet, mä datt d'Irakkris hiren Ursprong eigentlech laang virdrun huet.

Ech wëll net esou wäit goen an d'ganz Joren, vun ufanks vum leschte Jorhonnert bis an d'60er Jore beliichten, och do wär vill dozou ze soen an och do leie vill Erklärungen dran, firwat datt déi englesch Regierung haut an England déi haart Haltung huet déi se huet. Nämlech déi Jorzéngte Verstéiss vu kolonialer, neokolonialer, britescher Ausbeutung vum Irak, an duerno d'Versucher nach bis an d'60er Joren eran, fir dauernd ëmmer erëm Marionetteregimer am Irak um Pouvoir ze halen, fir den Afloss am Irak oprecht ze erhalen. Ech wëll Iech dat erspueren, well dat géif ze wäit féieren.

Mä ech wëll eigentlech, well dat och fir de Konflikt vun haut méi wichteg ass, bei de 60er Joren ufänken, an zwar virun allem bei deem Zäitpunkt an de 60er Jore wou - an ech betounen - mat amerikanescher CIA-Hëllef, am Irak e Statsstréich, e Putsch gelongen ass, deen déi heiteg sech um Pouvoir befannend Baath-Partei un de Pouvoir bruecht huet. 1968 huet de Saddam Hussein bei dësem Putsch eng führend Roll gespillt, hie war zwar nach net Premier oder éischte Mann am Irak - hien ass duerno Vizepresident ginn -, mä hien huet schonn eng führend Roll gespillt, an de General Hasan Bakar ass als alleenegen Herrscher vum Irak un de Pouvoir komm, als Virsëtzende vun der deemoleger Baath-Partei.

An de 70er Joren ass dunn en zolitte Broch komm tëschent dem Irak an de Vereenegte Staten. De Grond dovunner war, datt den Irak d'Uelechindustrie verstaatlecht huet, awer virun allem nach, an dat war de wesentlech Punkt firwat et zu Konflikter komm ass mat de Vereenegte Staten, dat war datt den Irak d'Kontroll iwwert dee strategesch wichtegste Schëfffahrtswee hat, de Shat al-Arab, dee fir den Accès zum persesche Golf wichteg ass, deen eng ganz wichteg Roll spillt fir Uelechtransporter, zumools déi Zäit, vum persesche Golf an aner Regioune vun der Welt, a virun allem och an d'Vereenegt Staten.

Dee Konflikt mat den USA, deen an de 70er Joren tëschent dem Irak an den USA bestanen huet, deen huet en abrupt Enn fonnt, wéi den deemolege Vizepresident vum Irak, de Saddam Hussein, d'Kontroll vun deem Schëfffahrtswee Shat al-Arab un den Iran iwwerginn huet, also eigentlech wéi den Irak sech d'accord erkläert huet, datt den Iran dee Schëfffahrtswee do soll kontrolléieren.

Dir wësst, datt an de 70er Joren am Iran deen deemools vun den USA agesate bluddege Shah-Regime um Pouvoir war. Och ee Regime deen d'Vereenegte Staten aus machtpolitesche Grënn deemools agesat hunn, an dee se duerno - wou ech nach wäert zréck kommen - deier ze stoe komm ass.

De Konflikt Iran-Irak an de 70er Jore war eigentlech d'Produkt vum kale Krich an deem d'Welt sech déi Zäit befonnt huet. Et war d'Angscht virun de Vereenegte Staten, datt den Afloss vun der deemoleger Sowjetunioun an där Regioun ze vill grouss géif ginn an datt iergendwann eng Kéier d'Sowjetunioun ze vill eng grouss Kontroll iwwert déi bedeitend Uelechvirkommnisser an där ganzer Regioun do géif kréien.

An 1979 sollt an där Regioun dat Schicksalsjoer vun de ganz grousse Veränneruнge ginn. 1979 ass dee vun den USA gestützten, bluddege Regime vum deemolege Shah gestierzt ginn. Un d'Macht ass ee Mullah-Regime komm, ënnert der Herrschaft vum Ayatollah Khomeini. Ee Mullah-Regime iwwert deen een haut eigentlech, sou wéi en déi Zäit op alle Fall fonctionnéiert huet, net méi vill Wierder brauch ze verléieren. Mä et ass kloer ginn, datt dee Regime ganz däitlech géint d'Vereenegte State war, datt dee Regime do souguer sou wäit gaangen ass fir eng amerikanesch Botschaft ze besetzen an amerikanesch Diplomaten als Geiselen ze benotzen, wat, haaptsächlech tëschent dem Iran an de Vereenegte Staten, zu enger fierchterlecher Kris an der Regioun gefouert huet.

Gläichzäiteg ass am Irak zu deem Zäitpunkt ee weidere Putsch geschitt, de President Bakar ass ersat ginn duerch de Saddam Hussein an de Saddam Hussein huet duerch eng komplett Liquidéierung vu sämtleche Führungsleit vun der Baath-Partei de Pouvoir am Irak definitiv iwwerholl.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

An dat, muss ech Iech soen, schonn zu deem Zäitpunkt, mat enger zimlech grousser Genugtuung vun der Administratioun vun de Vereenegte Staten, well d'Vereenegt State gesinn hunn, datt sech doduerch nei Perspektiven, iwwert den neie Feind dee sech am Iran gebilt hat, géifen opmaachen.

An den 80er Jore sinn öffentlech Opfuerderunge komm, vum Member vum amerikaneschen, nationale Sécherheetsdéngscht Brzezinsky, den Irak soll den Iran militäresch ugräifen. Virun allem ass deen Opruff gemaach ginn - an dat kënn der entre-temps an alle Geschichtsbicher noliesen -, well d'Vereenegt Staten gäre gehat hätten, datt den Irak dee berühmte Waasserwee Shat al-Arab vun den Iraner soll zréck erueweren an datt et souguer, wann et méiglech wier, dozou soll kommen, iwwert esou ee Krich den Ayatollah-Regime am Iran ze stierzen.

An erëm eng Kéier war hei och de Gros vun der Angscht vun de Vereenegte Staten, datt d'Sowjetunioun géif ze vill e groussen Afloss huelen, well den Iran-Regime, deen dunn un de Pouvoir komm ass, higaangen ass - well en och soss keng aner Méiglechkeet zu deem Zäitpunkt hat - a sech a Richtung Sowjetunioun gedréit huet. En huet der Sowjetunioun Accès an d'Land ginn an huet eigentlech déi gréissten an déi meeschte Wirtschaftshëllef vun där Säit kritt, an dofir war d'Angscht erëm vun de Vereenegte Staten, datt d'Uelechfelder um persesche Golf a Gefor wären.

1980 ass de Saddam Hussein der Opfuerderung vun de Vereenegte Staten nokomm an hien huet ënnert sengem Kommando en Amarsch an den Irak gemaach. Den Iran-Irak Krich huet bis 1988, also aacht Joer gedauert. Honnertdausende Mënsche sinn ëmkomm.

Ënnert dem Ronald Reagan sinn d'Bezéiungen tëschent den USA an dem Irak wesentlech verännert ginn, respektiv se hu sech souguer staark verbessert a sinn ëmmer méi enk matenee verknäppt ginn. An den 80er Joren ass vun de Vereenegte Staten eng planméisseg Oprüstung vum Irak geschitt.

1982 ass den Irak vun der amerikanescher Lëscht vun deene State gestrach ginn, déi angeblech den Terrorismus géifen ënnerstëtzen. 1984 si voll diplomatesch Bezéiunge mam Irak erëm opgeholl ginn. An 1984 ass eng engste militäresch an norichtendéngschtlech Kooperatioun tëschent de Vereenegte Staten an dem Irak opgeholl ginn.

An dozou gehéiert an éischter Stell d'Oprüstung vun den irakeschen Truppe mat schwéiere Waffen. Zweete Punkt, d'Bereetstellung vu Satellitebiller iwwer iranesch Truppestationéierung. Drëtte Punkt, taktesch Planungen a wéi ee Kampfféierunge mécht. A leschte Punkt, Ënnerstëtzung vu Loftugréffer vun de Vereenegte Staten zu Gonschte vum Irak géint den Iran.

An der Ära Reagan ass d'Sat fir déi heiteg Kris geséit ginn; dat steet am Buch vun den zwee Amerikaner William Rivers Pitt a Scott Ritter geschriwwen. All deemools vum Irak verübte Greueltaten, inklusiv déi brutal Gëftgasugréffer um Schluss vum Iran-Irak-Krich sinn ignoréiert, jo souguer ënnerstëtzt ginn.

Eréischt wéi no dem Iran-Irak-Krich international un d'Öffentlechkeet komm ass, datt den Irak chemesch Kampfstoffer agesat huet an och nach no deem Krich chemesch Kampfstoffer géint d'irakesch Kurden agesat huet, hunn d'USA sech beweegt a fonnt, datt een dat net méi kann toleréieren a si hunn et, zumindest verbal, condamnéiert.

D'Irakkris ass deemno aus der Sat ervirgaangen, déi vun den USA ënnert dem Ronald Reagan aus geopolitesche an ekonomesche Grënn an den 80er Jore geséit ginn ass. Dat muss een esou däitlech haut soen. Et kann een net d'accord sinn, wann haut déi Argumenter vun engem President vun de Vereenegte State gebraucht gi géint all déi Massevernichtungsmëttelen, wann ee weess dass et dat nämlecht Land ass, dat an den 80er Joren duerfir gesuergt huet, datt den Irak se kritt huet, an datt en se och agesat huet.

Zweete Punkt: Am Moment gëtt jiddfereen, dee sech kritesch mat der Politik vun der aktueller amerikanescher Regierung ausenaner setzt, als Géigner vun Amerika duergestallt. Dobäi misst et jo eigentlech an Demokratien nëmmen normal sinn, datt Kritik, jo souguer ganz hefteg Kritik, un enger Regierung muss erlaabt sinn a souguer ubruecht sinn. Wie wär dann zum Beispill op d'Iddi komm fir der ganzer EU no hirer extrem haarder, kritescher an hefteger Haltung bei der Bildung vun der Schüssel/Haider-Regierung eng Anti-Éisträich-Haltung ze ënnerstellen?

Et gëtt och nach net wéineg Politiker a souguer Regierungsmemberen, déi der Regierung aus Berlusconi an italieneschen Neofaschisten an Italien méi wéi kritesch géigeniwwer stinn. Sinn amerikanesch Politiker, wéi de fréieren amerikaneschen demokratesche Presidentschaftskandidat Jesse Jackson, de fréieren amerikanesche Justizminister Ramsey Clark oder den heitege Senatsmember Robert Byrd antiamerikanesch ginn, wa se sech haut aus deenen nämlechte Grënn wéi d'Majoritéit vun de Krichgsgéigner aus Europa géint dëse vu laanger Hand virbereeten aus geopoliteschen an ekonomesche Machtinteressen organiséierte Feldzuch géint de ganze Mëttleren Orient stellen?

Well, Dir Dammen an Dir Hären, et ass genau dat wat an der Theorie vun der Achse vum Bösen dra steet. Dat kënnt Der schwaarz op wäiss an deenen Texter do noliesen, déi Der zur Verfügung hutt, an déi déi Der net zur Verfügung hutt, gi wahrscheinlech nach méi wäit.

De fréieren amerikanesche Justizminister Ramsey Clark huet dës Woch souguer eng Impeachment-Prozedur géint de President Bush wéinst Amtsmëssbrauch verlaangt. Dir kënnt feststellen, datt an deene leschten Deeg d'Kritik an de Vereenegte State géint déi doten Administratioun ëmmer méi hefteg gëtt. Haut konnt een nach an den internationalen Zeitunge liesen, datt an de Conseile vun deene meeschte groussen amerikanesche Stied entre-temps Antikrichsresolutiounen ugeholl ginn an datt et an der Zwëschenzäit an d'Richtung geet, datt souguer op Statenniveau an de Vereenegte Staten ëmmer méi Resolutiounen ugeholl gi géint dëse Krich.

Eng kritesch Haltung zu dem machtpoliteschen Abenteuer, dat elo vun der Bush-Administratioun geplangt ass, ass eiser Meenung no, angesichts vun de Fakten déi um Dësch leien, leider zur Pflicht ginn. Et muss een däitlech a kloer soen, datt et der aktueller US-Administratioun hei virrangeg ëm Machtpolitik geet. An der Tëschenzäit ass quasi ee vun zwee Amerikaner géint dëse Krich, trotz méintelaangem Propagandafeldzuch, virun allem vun de grousse Medien an den USA. Ech hunn net méi spéit wéi virgëschter op ARTE e ganz interessante Bericht gesinn iwwert d'Situatioun an de Vereenegte Staten, wou zum Beispill gesot ginn ass, datt an de Vereenegte Staten eréischt zënter zwou Wochen emol iwwerhaapt bericht gëtt, datt et an Amerika selwer Manifestatioune gi si géint dee Krich, an datt déi Manifestatioun zu Washington virun annerhallwer Woch, wou 300.000 Leit do waren, no offizielle Schätzunge vun der Polizei, an de Medien an Amerika duergestallt ginn ass wéi wann et der nëmmen 30.000 gewiescht wieren.

Déi Gréng, Dir Dammen an Dir Hären, sinn net géint Amerika, loin de là, mä mir soen awer ganz däitlech, dass mir géint d'Politik si vun där aktueller Bush-Administratioun an datt mer alles wäerte maache wat an eise politesche Méiglechkeete steet, mat eise grénge Kolleegen iwwerall an der Welt, inklusiv mat deenen aus de Vereenegte Staten, fir datt déi dote Bush-Administratioun hir Muechtpolitik net duerchgesat kritt.

Une voix.- Très bien.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Drëtte Punkt: No dem Golfkrich krut den Irak vun der UNO kloer duerch verschidde Resolutiounen eng Rei Regelen a Konditiounen operluecht. An deem Kontext stelle sech, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis zwou Froen. Déi éischt Fro ass déi: Gëlle fir Amerika oder fir d'amerikanesch Administratioun vun haut beim Anhale vun UN-Resolutiounen zweeërlee Mooss a Gewiichter? Wann all Land, dat géint eng UNO-Resolutioun géif verstoussen, direkt géif preventiv militäresch ugegraff ginn, da wär d'Welt an engem dramateschen Zoustand am Moment. Ech wëll nëmmen zwee Beispiller eraus huelen, wou dat permanent de Fall ass.

Deen éischte Fall ass Israel. Israel verstéisst zënter 15 Joer mat enger Beharrlechkeet géint all UNO-Resolutioun, déi hiresgläiche sicht. Ass da jeemools ee Mënsch op d'Iddi komm, datt een elo misst higoen an e militäresche Preventivkrich géint Israel féieren? Gott sei Dank ass dat net de Fall. Gott sei Dank gëtt versicht am Dialog ze diskutéieren, och mat Israel, fir datt am Noen Oste Fridde kënnt.

Dat zweet Beispill ass Nordkorea. Nordkorea verstéisst am Moment géint all Resolutiounen, déi et mat gedroen huet an déi et vun der UNO kritt huet. Firwat gëtt dann net den nämlechte Wuertlaut géint Nordkorea gebraucht wéi géint den Irak? Ma ganz einfach, well Nordkorea wahrscheinlech am Besëtz ass vun Atomwaffen. Da muss ee sech emol virstellen, wann een déi dote Logik zu Enn denkt, zu wat dat féiere kann. Do liwwere jo déi Vereenegt State selwer e Beispill wéi een et muss maachen, fir datt ee sech am beschten als Diktatur virun der Pressioun vun der internationaler Communautéit schütze kann, nämlech andeem een oprüst, weider oprüst a massiv oprüst.

Déi Lëscht vun de Verstéiss iwwregens kënnt ee weider féieren. Ech hunn elo déi zwee erausgeholl, well deen am nooste bei der Regioun ass a well deen zweeten am meeschten an der Aktualitéit ass, mä et kënnt een déi Lëscht bal onendlech weider féieren. Déi zweet Fro, déi sech stellt: Wat heescht et géint eng Resolutioun ze verstoussen? A virun allem: Muss bei der Sanktioun, déi bei engem Verstouss geholl gëtt vun der UNO, net och d'Verhältnismëissegkeet vun de Mëttele gewahrt bleiwen, op déi opgepasst ginn?

Den Irak huet ganz sécherlech an den 90er Joren nom Golfkrich méi wéi eng Kéier géint d'Resolutioune verstouss, mä an esou ze soen alle Fäll hunn d'UNO-Inspekteren tëschent 1991 an 1998 et fäerdeg bruecht fir dës Verstéiss erëm réckgängeg ze maachen a si konnten hir Aarbecht weider féieren. Mat Gedold an onermiddlechem Asaz hu se et laut dem deemolege responsabelen UNO-Inspekter fir Massevernichtungswaffen, dem Scott Ritter, fäerdeg bruecht bis 1998 90 bis 95% vun deem groussen a fir d'Nopeschlänner gefëierleche Waffepotenzial vum Irak ze zerstéieren.

D'Fro déi sech stellt ass, firwat dës Inspektiounen 1998 gescheitert sinn. War et wierklech esou wéi oft behaapt gëtt, datt d'Inspekteren einfach un hirer Aarbecht gehënnert gi wären, an datt se herno schlussendlech vun dem Regime aus dem Land gehäit gi wären? Méi wéi ee vun den deemolegen Inspekteren ass do enger ganz anerer Meenung a gesäit d'Ursaache vum Scheiteren a vum Enn vun hirer Missioun 1998 op engem ganz aneren Niveau ugesiedelt.

Ech kann nëmme jiddferengem recommandéieren dat Buch ze liese vum deemolegen Inspekter vun der UNO, dem Scott Ritter, en héich dekoréierte fréieren amerikanesche Marinesoffizéier, deen den George W. Bush nach 2000 am Wahlkampf ënnerstëtzt huet, deen haut awer an de Vereenegte Staten als Landesverréider verschrie gëtt, well hien net d'accord ass mat der nämlechter Administratioun, well hien a sengem Buch mat Fakte beleet, wat eigentlech wierklech um Terrain an den 90er Jore geschitt ass. Hien huet bis haut all Accès zu de Medien an de Vereenegte Staten verwiert kritt, souwéi all Géigeniwwerstellung vu senge Fakten am Senat, am Representantenhaus an deene leschte Méint. Hie gëtt awer net midd dat ze verlaangen.

Ech wëll Iech soen, Här Weiler, Dir hutt virdru gesot, den Embargo wär 1998 gescheitert duerch d'Verhale vum Regime. An deem Buch hei kënnt Dir noliesen, datt et net esou war, datt d'Ophiewung vum Embargo kuerz virun der Dier stoung an datt et wahrscheinlech souguer esou war, datt vu verschidde Geheimdéngschtkreesser vun de Vereenegte Staten alles gemaach ginn ass, fir d'Missioun 1998 zum Scheiteren ze bréngen, fir datt den Embargo net huet missen opgehuewe ginn. Dat sinn d'Realitéiten a Fakten déi um Dësch leien, Här Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- ..., déi soe ganz aner Saachen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här Weiler, déi hunn dat bis haut...

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- ...just de Géigendeel.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech kann lech just soen: Déi heite Quellen, déi ech hunn, kënnen dat beleeën an déi si bereet virun allen amerikaneschen Institutiounen opzetriede fir dat ze beleeën, mä déi Leit, déi de Contraire behaapten, si bis elo nach all Beweis schëlleg bliwwen, datt et net esou war. Dat kënnt Der och iwwerall noliesen.

Véierte Punkt, Här President: Wat soll dee Krich eigentlech erreechen, deen do soll entfacht ginn? Déi amerikanesch Administratioun seet e soll d'Entwaffnung erreechen an demokratesch Verhältnisser am Irak schafen. Mir bezweifelen aus ville Grënn, déi nëmmen esou hehr Usprëch, déi hei an de Vierdergrond geschobe ginn, déi a Verbindung sti mat deenen heiten zwee Punkten. Mä huele mer och nach souguer u si wären esou wéi se beschriwwe ginn, da muss ee jo awer emol kucken, wat fir eng Situatioun datt een am Irak virfënnt.

60% vun der irakescher Bevölkerung ass eng schiitesch proiranesch Moslembevölkerung. Dir konnt gëschter an engem Artikel op der internationaler Säit vum Lëtzebuerger Wort noliesen - deen excellent war -, wat déi 60% oder déi

führend Leit vun där schiitescher Populatioun do gären hätten. Op kee Fall wëlle se d'Amerikaner am Land hunn. Si wëllen esou séier wéi méiglech e muslimesche Regime nom Modell vum Iran aféieren a si wëllen op jidde Fall esou séier wéi méiglech, datt d'Amerikaner, wa se et da fäerdeg bréngen de Baath-Regime ze stierzen, erëm trëppelen a sech hirer Wee maachen, ansonsten droe se elo schonns, fir datt et ganz kloer ass: Da lehne mer eis och op géint d'Amerikaner.

60%, dat ass d'Majoritéit vun der Bevölkerung. Wann een en demokratesche Regime wëllt schafen, wann ee muer och nach einfach esou géif d'Wahlen do aféieren, da kéint een dovun ausgoen, datt d'Chance ganz héich wär, datt déi dote Couche vun der Populatioun d'Majoritéit duerstellt.

Déi zweetgréisst Communautéit sinn d'Kurden: 23%. Déi sinn éischtens an dräi Clanë gespléckt a si virun allem just interesséiert um Norde vum Irak fir en eegestänne-ge kurdesche Stat auszeruffen. Eng legitim Fuerderung kann ee soen. Et muss ee sech awer emol am Detail ukucke wien d'Führungsleit si vun deene kurdesche Gruppen a wat déi zum Beschte ginn an hiren Interviewen, déi se maachen. Da kritt een awer schonn emol Bedenken, ob dat en demokratesche kurdesche Stat géif ginn, deen do installéiert soll ginn.

Mä dat ass nach de niewesächlechste Problem. Dee gréisste Problem ass, datt d'Türkei riskéiert a fierchterlech Schwieregkeeten ze geroden. An de Widderstand an der Türkei, och bei der Regierung, datt sech esou laang gewiert gëtt géint de Konflikt, deen huet jo domat ze dinn, well d'Angscht besteet, datt all déi Efforten, déi d'Türkei an deene leschte Jore gemaach huet, och fir e bessert Verhältnis ze kréien zu hirer eegener kurdescher Populatioun, null und nichteg gemaach ginn a kierzester Zäit, jee nodeem wéi dee Konflikt hei ausgeet, mat alle Konsequenze vun Destabiliséierung vun der Türkei. Sinn dat d'Zilsetzunge vum Krich?, froe mir ganz kloer.

Déi aner 17% si Sunniten am Irak, zu där Bevölkerungsgrupp och de Saddam Hussein gehéiert. All Literatur, déi ee kann noliesen, weist op, datt déi sunnitesch Stämm, an haaptsächlech hiert Führungspersonal, wat een um Enn kennt, och déi déi géint den Hussein sinn, alleguer am Endeffekt kee Millimeter besser si wéi hie selwer, an datt wahrscheinlech de Risiko grouss ass, egal wien ee vun deenen asetzt, datt et muer zu deemselwechte Resultat féiert.

Dofir riskéiert, och wann deen direkte Krich séier eriwwer ass, aus enger Anti-Hussein-Haltung ganz schnell eng Anti-Amerika-Haltung ze gi vun deene Gruppen. Wann ech dann awer esou abenteuerlech Saache muss héiere wéi datt d'Vereenegt Staten, well se jo dat natierlech entre-temps och wëssen, wëllen e militäresche Stadtverwalter asetzen, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass eng réimesch Imperialmentalitéit déi do zu Dag kënnt. Dat ass eng Mentalitéit, do hat ech geduecht, déi wär am 19. Jorhonnert endlech ofgeschaaft ginn, oder spéitstens bei der franséischer Revolutioun. Dat ass dach awer eng Mentalitéit an eng Iddi, déi net fir zwee Sou crédibel an net fir zwee Sou duerchsetzbar sinn.

Ech froe mech, wéi een iwwerhaapt op d'Iddi komme ka fir esou eppes ze proposéieren. D'Nokrichsperspektiven, déi sinn einfach null, wann een dee Krich do gefouert huet, ausser datt een eenzeg grousse Chaos produzéiert gëtt am Irak selwer an an der Regioun.

An da kommen ech zum fënnefte Punkt, de Risiko vun engem Flächebrand an där ganzer Regioun. Mir mussen eis bewosst sinn, datt déi Arabesch Welt, an ech sinn esouguer der Meenung, wäit doriwwer eraus déi ganz muslimesch Welt, d'Virgehensaart a Weis vun der aktueller Administratioun an de Vereenegte Staten als erniddregend ëmfënnt. Dat ass onofhängeg vun der Aschätzung, déi si hunn iwwert den Diktator Saddam Hussein. Hei geet et drëms, datt eng ganz Völkergemeinschaft sech als erniddregt gesäit. Et ass ganz kloer, dat wësse mer alleguerten, an dat gëtt och vu villen Autore beluecht queesch duerch d'Welt, datt de Kampf géint de Saddam Hussein ganz schnell ka münden an engem Kampf vun de Kulturen.

Do soen ech ganz kloer, dann huet de fanatesche Massemäerder Bin Laden, deen den atheisteschen Hussein-Regime genau esou haasst wéi de Rescht vun der net moslemescher Welt, mam 11. September genau dat erreecht, wat e wollt erreechen, nämlech nom Irakfeldzuch geet seng Rechnung voll op. E bréngt et fäerdeg, d'Welt definitiv an zwee Lageren ze spalten an ze destabiliséieren, an da gëtt de Nährbuedem fir Haass an Terrorismus massiv erweidert an net verklengert, an de gesamten Noen Oste riskéiert eng total Destabiliséierung.

Sechste Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, mir mussen eis och emol bewosst sinn an eise Käpp, datt wa mer hei e Krich féieren, dann ass dat e bewosst A-Kaf-huele vun zéngdausenden, wann net honnertdausenden onschëllegen Zivilaffer am Irak, an dat zu engem Zäitpunkt wou eng drockvoll awer gedëlleg Aarbecht vun den UN-Inspektere besser Ofrëschtungsresultater kënnt erreechen. De Beweis hu mer zwëschent 1991 an 1998 kritt, wou wéi gesot 95% vun dem Massevernichtungspotenzial vum Irak zerstéiert ginn ass. Also deit alles drop hin, datt eng grouss Chance besteet, dat Bësse wat en nach huet u Waffepotenzial, virun allem dat wat geféierlech ass fir d'Nopeschlänner, fir dat vollstänneg iwwert d'Inspekteren zerstéiert ze kréien an den Irak iwwert dee Wee vollstänneg entwaffnet ze kréien, insofern een net aner Ziler verfollegt wéi net nëmmen d'Entwaffnung. Dat muss een esou däitlech soen. All d'Texter, déi vu verschiddene Säiten an deene leschte Woche komm sinn, loossen drop schléissen, datt och aner Ziler hei verfollegt ginn.

Dofir ass déi däitsch-franséisch-russesch Initiativ, wou jo d'Essenz draläit, fir ze soen: Éischtens, den Inspektere keen Zäitdrock operleeën. Zweetens, hinne logistesch aner Méiglechkeete ginn, inklusiv Spionagefliger, ee vläicht esouguer an enger leschter Phas nach Blohelmer mat asetzt. Dat muss ee gesinn, esou wäit si mer nach net. Déi Chance muss genotzt ginn, an déi Chance muss eng Chance kréien.

Et gesäit een awer, an do muss ech soen, Här Weiler, sinn ech net mat lech averstanen, datt zënter dem Dezember 2002, an et kënnt een esouguer nach méi wäit virdru goen, ech schwätzen elo mol zënter Dezember 2002 wéi d'Kris ugefaang huet sech wierklech zouzespëtzen, de Sproochgebrauch vun der amerikanescher Administratioun a vun hirem President eppes ganz anescht war. Et ass ëmmer nëmmen drëms gaangen, mir mussen den Irak ugräifen, et ass Game over, de Saddam muss ewech, dat do notzt alles näischt.

Dir hutt d'Beispill zitéiert vun deene Rakéiten, déi méi wéi 150 Kilometer wäit kënne geschoss ginn. Den amerikanesche President huet, ier deen éischte Saz vum irakesche Regime komm ass, scho gesot: Och wa se dat maachen, dat ass alles ganz egal, et ass längstens erwisen a beluecht, datt d'Resolutiounen net agehale ginn, dat änner un der Saach guer näischt, mir wäerten awer zouschloen.

Dir musst Iech emol virstellen, wann ee weess datt déi Rakéiten do zu engem Deel, egal wat een elo vum irakesche Regime hält, kënnen notze wann den Irak militäresch ugegraff gëtt, fir sech national ze verteidegen, a wat fir engem Dilemma datt dee Regime och elo do steet. Ech sinn zwar der Iwwerzeegung, datt mer wäerte gesinn, datt och deen heite Kalzong nach wäert ausgedoe ginn, fir et emol bildlech auszedrécken, mä och dat wäert net duergoen, an et kann net duergoen, well et ass schonn am Virfeld gesot ginn.

D'Bush-Administratioun reit sech, wéi den däitsche CDU-Politiker Heiner Geissler et kierzlech an engem Interview richteg gesot huet, an hirer Krichsrhetorik um Kopf und Kragen, an dat zënter datt d'Kris amgaang ass, an de Verdacht läit méi ewéi no, datt Bush-Administratioun, an ech betounen, déi heite Bush-Administratioun, eng friddlech Léisung vun dësem Konflikt vun Ufank un net wollt.

Siwente Punkt, Här President, den Embargo muss opgehuewe ginn. Eiser Meenung no sinn déi Hongersnout an deen Elend, déi duerch deen Embargo an där Aart a Weis, wéi en duerchgezu ginn ass am Irak, quasi gläichzesetze mat Völkermord. Zéngdausende Leit, haaptsächlech Kanner, sinn ëmkomm am Irak an den 90er Joren am Embargo, ouni dat geréngste Resultat. Mir mussen eng Situatioun kréien, datt d'Vollek net leit. Den Diktator soll leiden an net d'Vollek.

Do gëtt et Méiglechkeete fir dat ze erreechen. Mir mussen et fäerdeg bréngen, datt eng Normaliséierung bei der Bevölkerung kënnt. Datt niewent der humaner Noutwendegkeet, fir deen Embargo opzehiewen, sech eng Mëttelschicht erausbilt, sech mëttelfristeg eng Grondlag bilt fir demokratesch Verhältnisser ze kréien, an dat ass méiglech wann een deen Embargo ophieft an eng ganz geziilte Kontroll iwwert den Irak mécht an derniewent eng ganz geziilte Kooperationspolitik an deenen nächste Jore fir d'Zivilbevölkerung.

Mä do muss ee Gedold hu fir déi Saachen. Do muss ee sech bewosst sinn, datt déi westlech Industrienatiounen net kënnen higoen a jorzéngtelaang kolonial Feeler do maachen, déi vill Misär geschafen hunn, an dann ze mengen et kënnt een déi mat engem Fiederstréch bannent zwee Joer erëm ofschafen. Dat fonctionnéiert sécherlech net.

Aachte Punkt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir mussen d'UNO an d'Völkerrecht erëm hierstellen. Ech sinn der Meenung, datt an deene leschte Méint d'Völkerrecht an d'UNO zu engem groussen Deel schonn zertrümmert gi sinn. Et ass versicht gi mat méifache Mëttelen d'UNO ze erpressen. Déi ganz Rhetorik, déi permanent vun der amerikanescher Administratioun an deene leschte Méint ubruecht ginn ass géint d'UNO, déi muss ee sech emol eng Kéier an Erënnerung ruffen:

- Labbergremium.

- Wien net fir eis ass, ass géint eis.

- Wann de Sécherheetsrot eis Positioun net iwwerhëlt, dann ass et e schwaarzen Dag fir d'UNO.

- D'UNO ass handlungsonfäeg wa se net krichswëlleg ass.

Dat si Sätz, déi si gebetsmühlenhaft an deene leschte Méint vun der amerikanescher Administratioun iwwerholl ginn. Wou soll een nach kënnen an engem Weltsécherheetsrot normal an human schaffen, wann esou versicht gëtt déi ganz international Communautéit regelrecht ze erpressen? Op déi ekonomesch Erpressungsmëttele wëll ech emol guer net agoen.

De Bush-Blair-Feldzuch däerf op kee Fall, eiser Meenung no, vun engem UNO-Mandat, dat regelrecht erpresst ginn ass, legitiméiert ginn. Dëst wier d'Enn vun der Glafwierdegkeet vun der UNO. Ech hunn haut de Muere séier deen Interview gelies vum Politwëssenschaftler vu Lëtzebuerg, dem Här Armand Clesse an der Revue, deen huet ee flotte Saz gesot zum Schluss vum Interview an deem dote Kontext, datt hie sech eigentlech haut freet, ob et effektiv net esouguer gewollt ass vun de Vereenegte State fir d'UNO an där Form ze zertrümmeren, esou wéi se haut besteet. Ech mengen, datt een dee Gedanken net einfach esou verwerfe kann.

Néngte Punkt, Här President, zéng Millioune Mënschen hu virun zwou Woche manifestéiert. Sondagë weltwäit ginn entre-temps eng iwwerwältegend Majoritéit fir d'Oflehnung vun deem Krich. Ech soe ganz däitlech hei, wann iwwert d'Käpp ewech vun der Bevölkerung vun deene Länner dëse Krich duerchgezu gëtt, da bedeit dat en dramatesche Vertrauensverloscht vun der gesamter Classe politique mat Konsequenze fir Politik an Institutiounen, déi an dësem Moment kaum reell viraussobar sinn, mä déi mat Sécherheet net positiv wäerte sinn.

Zéngte Punkt, Här President, d'Haltung vun der Lëtzebuerger Regierung. Diplomatie ass net gläichbedeitend, eiser Meenung no, mat lavéierend, a virun allem dann net wann et ëm Krich a Fridde geet.

Ech ka verstoen, datt Vertrieder vun engem klenge Land et méi schwéier hunn, sech bei esou geopolitesche Konflikter Gehéier ze verschafe wéi grouss Länner.

Ech mengen d'Belsch ass awer e gutt Beispill als klengt Land, dat hei an deem Dossier vun Ufank un eng zimlech kloer Sprooch geschwat huet, heiansdo esouguer eng zimlech haart Sprooch geschwat huet, an dofir hu se och eise Respekt. Mir hätten eis gewënscht, datt déi Lëtzebuerger Regierung vun Ufank un och esou eng kloer Sprooch geschwat hätt, esouguer dann, Dir Dammen an Dir Hären, wann Drock ausgeübt gëtt vu verschiddene Säiten, esouguer dann och wa wirtschaftlechen Drock vu verschiddene Säiten ausgeübt gëtt op Lëtzebuerg.

D'Lëtzebuerger Regierungsmembere si sécherlech keng Krichsdreiwer. Wien dat behaapt, dee läit voll dernieft. Dat ass ganz kloer. Esou eng Behaaptung wär sécherlech net nëmme maasslos iwwerdriwwen, mä och nach perséinlech méi wéi blessant.

***(Interruptions diverses)***

Dës Behaaptung, Här President, ass och vu kengem heibannen am Parlament opgestallt ginn, weder hei am Parlament nach ausserhalb vum Parlament. Ech hunn op alle Fall keen, …

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Loosst dach de Riedner schwätzen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- …weder heibannen nach dobaussen, héieren déi do Behaaptung opstellen. Wat awer kritiséiert ginn ass, dat war d'Fehle vun enger offener Sprooch an dësem Konflikt, vum Courage fir haart an däitlech ze soen, dass hei keng héich moralesch ugesiedelt Zilsetzunge vun deene géinge verfollegt ginn, déi dëse Krich zënter e puer Méint förmlech erbäirieden. Dat ass dat, wat mir vermësst hu bei där klorer Sprooch. Dëst Fehle vun enger offener a courageierter Sprooch géint déi, déi dëse Krich erbäirieden, ass vu ville kritiséiert ginn, an net nëmme vun der parlamentarescher Oppositioun hei am Parlament. Och esouguer vu villen, déi dem Premierminister eigentlech politesch ganz no stinn.

Dës Kritik un der fehlender offener a courageierter Sprooch an dësem Konflikt muss e Premierminister aushalen, ouni dass seng politesch Géigner gläich mat fiirchterlecher Revanche gedrot kréien.

Déi parlamentaresch Oppositioun ass vum Premier wéinst hirer Kritik der Hinterfotzegkeet bezeechent ginn, wat fir mech méi wéi inakzeptabel ass, bei allem Verständnis wat ech kann hunn, bei muenchmol emotiounsgeluedene politeschen Debatten, fir verschidden Ausrutscher.

Wat verlaangen déi Gréng elo vun dëser Regierung? Mir verlaangen, datt géint dëse Krich a fir eng diplomatesch Léisung mat Courage a Vehemenz soll agetruede ginn aus deene ville Fakten, déi um Dësch leien, déi beleeë firwat een dat muss maachen.

Kuerzfristeg solle mer deene Länner hëllefen, esouwäit mer dat kënnen an d'Méiglechkeeten dozou hunn, mat eise bescheidene Méiglechkeeten, muss ee soen, fir ze verhënneren datt déi nei Bush-Blair-Resolutioun am UNO-Weltsécherheetsrot eng Majoritéit fënnt. Ech muss och soen, ech sinn net averstane wann d'Ausseministesch hei seet, déi zweet Resolutioun wär vun den Amerikaner an den Engländer nëmmen abruecht gi fir Drock auszeüben. Dat ass net richteg, Madame Polfer, all Rieden an all Aussoen déi gemaach gi sinn an deene leschten Deeg, esou gutt vum Här Blair wéi vum Här Bush, waren eng däitlech Sprooch, dat war gesot, d'Spill ass eriwwer, déi do Resolutioun muss séier ëmgesat ginn. Den Här Bush huet gesot, aacht Deeg, den Här Blair sot, banne 14 Deeg. Et ass kloer, dass och ëmmer direkt hannendru gesot ginn ass, et gëtt e schwaarzen Dag fir d'UNO, wa se eis net follegt, a wa se dat net mécht, dat ass eis souwisou egal, dann intervenéiere mer awer.

Dat si keng Methode fir ëmzegoen an dat huet och näischt méi ze di mat Drock op den Irak, dat ass Drock op de Rescht vun der internationaler Communautéit, well se eng aner Meenung huet wéi dës Administratioun an de Vereenegte Staten, an dat ass inakzeptabel.

Et muss gehollef ginn, datt déi däitsch-franséisch-russesch Virschléi, wou mer den Detail sécher nach net kennen, mä wou zumindest dat wat mer kenne vun den Optiounen hier eiser Meenung no déi richteg sinn. Nämlech éischtens, keng Délaien ze setze fir d'Inspekteren, se massiv logistesch ze ënnerstëtzen, se materiell an human weider ze ënnerstëtzen, an och esouguer zum Deel militäresch, andeem dat gemaach gëtt wat Frankräich och scho gemaach huet, nämlech zum Beispill Mirage-Spionage-Fliger zur Verfügung gestallt huet.

An dann e leschte Punkt, Här President, mir musse mëttel- bis laangfristeg en Engagement fir eng rapid wirtschaftlech a sozial Verbesserung an dem gesamten Noen Oste kréien. Nëmmen dat ass de Garant fir Fridden an Demokratie. All déi dote Saachen, Här President, hunn ech och an enger längerer Motioun zesummegefaasst, déi ech lech herno wëllt iwwerreechen.

Ech wëll awer soen, datt mer d'LSAP-Motioun och kënne matstëmmen, well dat wat an hirer steet och an eiser drasteet. Mir hu just nach eng Rei Saachen derbäi gesat. Mir stëmmen hir och mat.

Beim Irakkonflikt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, geet et längst net méi ëm d'Nagelprobe, wéi ëmmer gesot gëtt, ob de Saddam Hussein nogëtt oder net. Mä dëse Konflikt ass zur Nagelprobe ginn, fir d'Machtverhältnisser an d'Dominanzgelüste am 21. Jorhonnert. Et muss d'Aufgab si vun all Demokrat fir ze verhënneren, dass dat 21. Jorhonnert, zwar ënner komplett anere geopolitesche Virzeechen, mä trotzdeem am Endeffekt genau esou fatal ufänkt wéi dat 20. Jorhonnert ugefaangen huet, mat alle Konsequenzen déi mer duerno erlieft hunn.

Hégémonie, Kolonialismus, Neokolonialismus, imperiaalt Gebahren gehéieren net méi an dat komplext a globaliséiert 21. Jorhonnert. Krich als allerleschte Mëttel am Fall vum Recht vun engem Vollek oder vu méi Völker op Selbstverteidigung, dëst och an der UNO-Charta unerkannter, eiser Meenung no richteg Definitioun, däerf am 21. Jorhonnert net méi fir Muechtpolitik mëssbraucht ginn, Dir Dammen an Dir Häre.

Ech soen lech merci.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la résolution 1441 qui définit les modalités de travail des experts en désarmement en Irak;*

*- considérant que malgré l'acceptation de ladite résolution par le gouvernement irakien les gouvernements américains et anglais ont non seulement préparé la guerre en Irak depuis des mois, mais ont également tenté d'imposer leur point de vue et leur volonté belligérante par la pression voire le chantage envers les autres pays;*

*- considérant qu'aucune preuve n'a été fournie jusqu'à présent par l'administration américaine de l'implication du régime irakien dans les activités terroristes d'Al Qaida;*

*- considérant dès lors que la question de la lutte légitime contre le terrorisme n'est pas liée à celle du renversement du régime de Saddam Hussein;*

*- considérant donc que la volonté des autorités américaines de renverser Saddam Hussein a beaucoup moins à voir avec le développement de la démocratie ou la protection des droits humains, et que les visées de l'administration Bush sont essentiellement d'ordre économique et géopolitique;*

*- considérant que les moyens politiques pour arriver à un désarmement de l'Irak ne sont pas épuisés et que les options militaires des gouvernements des Etats-Unis et de la Grande-Bretagne sont contraires à l'objectif de pacifier durablement le Moyen-Orient;*

*- considérant qu'une initiative militaire américaine, qu'elle bénéficie ou non du soutien du Conseil de Sécurité de l'ONU, risque de plonger non seulement l'Irak mais tout le Moyen-Orient dans le chaos et que, dans un tel scénario, les frustrations politiques qui ont fourni le terreau aux actes terroristes n'en seraient que renforcées;*

*- estimant que la mise en cause de la politique américaine en Irak pour toutes les raisons précitées ne signifie en rien le soutien au régime dictatorial irakien qui s'est rendu coupable, depuis des années, de violations massives et systématiques des droits de l'homme, y compris de crimes contre l'humanité comme l'utilisation des armes chimiques et biologiques contre la population kurde;*

*- saluant les efforts des gouvernements français et allemand qui, avec les soutien de la Russie et de la Chine, proposent un échéancier précis pour des inspections renforcées comme alternative au recours aux armes;*

*- considérant que les sanctions déployées contre l'Irak depuis 1990 ont non seulement manqué d'atteindre leur but, à savoir d'affaiblir l'emprise du régime dictatorial de Saddam Hussein, mais ont surtout conduit à saigner à blanc la population civile;*

*invite le Gouvernement*

*- à s'opposer à toute prise en otage du Conseil de Sécurité des Nations Unies par l'administration américaine au terme de laquelle une initiative américaine unilatérale se verrait frappée du blanc seing forcé des Nations Unies - dans ce sens, même une intervention militaire formellement autorisée par le Conseil de Sécurité n'en serait pas moins illégitime;*

*- à s'opposer à toute initiative unilatérale du gouvernement américain à l'encontre de l'Irak et à la constitution d'une coalition internationale en dehors du cadre de l'ONU dans le cas où le Conseil de Sécurité n'autoriserait pas l'usage de la force ou ne se prononcerait pas;*

*- à se rallier à la position franco-allemande en soutenant leur initiative proposant un échéancier précis pour des inspections renforcées comme alternative au recours aux armes;*

*- à s'engager pour la levée des sanctions frappant surtout la population civile et pour l'instauration de méchanismes de contrôle plus équitables et plus efficaces dans le cadre de l'ONU;*

*- à s'engager, dans le contexte actuel au Moyen-Orient, contre tout recours à la contrainte armée, avec ou sans l'aval des Nations Unies, étant donné les conséquences désastreuses pour la population civile en Irak et pour la paix au Moyen Orient en général.*

*(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann een dee Problem hei no strikt legalistesche Kritäre beuerteele wëllt, ouni op de strategeschen, politeschen an ekonomesche Kontext anzegoen, dee jo hei vu verschiddene vu menge Virriedner eingehend behandelt ginn ass, a fir dat ze maache mer iwwregens och d'Zäit hei feelt, mengen ech, muss ee feststellen, wann een d'UNO-Charta kuckt a wat do drasteet, dass de Krich nëmme méiglech ass wann eng Gefor fir de Fridde virläit oder wann de Fridde gebrach gëtt vun iergendengem Stat. Et ass nëmmen da méiglech géint dee Stat e militäreschen Agréff ze féieren, selbstverständlech ënnert der Hégémonie vun der UNO. Ech muss awer feststellen, Här President: Hei an dësem konkrete Fall läit de Moment keng Gefor fir de Fridden vir. Et geet keng Gefor fir de Fridde vum Irak aus, an dofir ass och laut UNO-Charta keng Ursaach ginn, fir e militäreschen Ugréff de Moment an iergendenger Form ze rechtfertegen oder ze begrënnen.

Ech wëll dat och versichen hei méi kloer ze erläuteren. Ech hunn de Rapport vun de Chefinspektere Blix an El Baradei vum 14. Februar virum UNO-Sécherheetsrot zimlech genau gelies. Ech mengen iwwregens, dass et vläicht besser ass, et liest ee méi d'UNO-Resolutiounen an d'UNO-Texter wéi d'Zeitungen. Do gëtt een heiansdo vill méi gewuer, well an den Zeitunge gëtt alles op déi eng oder déi aner Manéier verzerrt erëmbruecht.

Wat seet den Här Blix zum Beispill a sengem Rapport, deen en de 14. Februar virum UNO-Sécherheetsrot gemaach huet? E seet éischtens emol: D'UNO-Kontrollkommissioun ass a vollem Asaz; si ass am vollen Ausbau; si ass amgaang regional Büroen anzeriichten zu Mossul an zu Bassora. Zu hirer Verfügung steet eng ganz Flott vu Fligeren a vun Helikopteren a weider Opklärungsfligeren, wéi dee berühmten U2, si geplangt a goufen och vum Irak ugeholl.

E seet desweideren: Bei 400 Inspektiounen ouni Umeldung op 300 Siten, dorënner Presidentesiten a Privatwunnengen, déi reibungslos alleguerten opgemaach gi si fir d'Inspektiounen, konnte keng verbuede Waffe festgestallt ginn. All chemesch a biologesch Prouwe sinn negativ verlaf. D'Inspekteren hu Lëschte mat Nimm an Adresse vu Wëssenschaftler iwwerreecht kritt, déi fir Interviewen zur Verfügung stinn, ouni dass eng Iwwerwaachung domat verbonnen ass. Verschiddener sinn och scho mat Erfolleg befrot ginn.

Den Irak, seet e weider, huet Kooperatioun versprach, och wat den Noweis ugeet vun der Zerstéierung vu chemesche Stoffer, an erwaart gëtt sech och esou eng Kooperatioun wat d'biologesch Stoffer ugeet, déi jo bei den Inspektioune vu virun e puer Joer konnte festgestallt ginn. An d'Kriticken um Irak, dass en net genuch aktiv kooperéiert, schénge sech wierklech deem Bericht no virun allem op dee ganz kloer ëmrassene Beräich ze beschränke vum Feststelle vu gewëssene Stoffer, déi virun enger Rei vu Jore bei Inspektioune konnte festgestallt ginn.

D'Fro vun der Portée vu Kuerzstreckemissilen, déi berühmt Al-Samoud-Missilen, wier amgaang mat den Iraker diskutéiert ze ginn, fir ze kucke wéiwäit si et erlabe fir méi wéi 150 Kilometer wäit geschoss ze ginn. Dat betrëfft och d'Capacitéit vun der Hierstellung vun esou Missilen a vun esou Motoren, déi derbäi passen. An der Tëschenzäit, dat wësse mer jo, ass den Irak opgefuerdert ginn, fir déi Rakéiten ze zerstéieren, well se no der Meenung vum Här Blix géint d'Resolutioun vun der UNO géife verstoussen.

Den Här Blix huet a sengem Rapport och festgestallt - an ech mengen dat ass wichteg -, dass d'Inspektiounen et elo scho méiglech gemaach hunn, fir dee Gruef opzefëllen, deen entstanen ass zënter dem Enn vun der éischter Serie vun Inspektiounen am Joer 1998 déi et méiglech gemaach haten, e groussen Deel vun deem Waffepotential, wat do gelagert war, ze zerstéieren, wéi mer jo wëssen, och vum bekannte fréiere Waffeninspekter, deen hei zitéiert ginn ass, den Här Ritter, dee gesot huet: Mir hunn zu iwwer 90% dem Irak säi Potential u Massevernichtungswaffen zerstéiert.

Den Här Blix seet elo: Mir hunn et fäerdeg bruecht eis e Bild ze verschafen iwwert déi Situatioun, wéi se entstanen ass zënter 1998, iwwert déi industriell a wëssenschaftlech Landschaft, déi sech elo am Irak weist, an och iwwert d'Méiglechkeet vun deem Land, fir Missilen hierzestellen.

Den Här Baradei sengersäits seet, dass zënter 1998 - dat war dat Joer wou senger Ausso no den irakeschen Atomprogramm komplett zerstéiert konnt ginn -, kee Beweis konnt fonnt gi fir Nuklearaktivitéiten, dass awer nach iwwer verschidde Verwendungen, déi méiglech wieren, vu gewësse Materialien, déi den Irak importéiert huet, wéi sou relativ banal Saache wéi Magnéiter a Metalltüben, misste Recherchë gemaach ginn. Mä och hei wier eng relativ grouss Kooperatioun vun de Wëssenschaftler a vun den Autoritéite festzestellen.

Et ass wuel evident, Dir Dammen an Dir Hären, an dat ass och hei betount ginn, och vu Säite vun der Majoritéit, dass ënnert deene Bedingungen d'Inspektioune musse fortgesat ginn, déi jo net nëmmen eng Kontroll zum Zil hunn, mä och eng Zerstéierung vun deene Waffen, déi fonnt ginn.

D'Presenz vun den Inspekteren am Irak, a wann et muss sinn iwwer laang Zäit, ass déi beschte Garantie, fir dass vum Irak keng Gefor fir de Fridden ausgeet a keng industriell Basis fir d'Erëmhierstelle vun atomaren, chemeschen, biologeschen oder anere Massevernichtungswaffen an deem Land erëm kann opgebaut ginn.

Ech wëll och rappeléieren, wéi den Här Bausch dat scho viru mir gemaach huet, dass d'Inspektiounen an den 90er Joren - 1998 - op Drock vun den Amerikaner ofgebrach gi sinn. Dat wier e schwaarzen Dag fir d'UNO, huet deemools de Kofi Annan gemengt, wéi an enger Sitzung vum Sécherheetsrot, déi den Irak zur Dagesuerdnung hat, matgedeelt ginn ass, d'Amerikaner an d'Brite wieren amgaang am Irak ze bombardéieren.

D'Inspektioune sinn also eiser Meenung no en zouverlässegt Mëttel, wa se richteg agesat ginn a mat deem néidege politeschen an ekonomeschen Drock begleet sinn, an deen ekonomeschen Drock och esou differenzéiert ass, dass en net d'Leit trefft, wéi dat de Moment de Fall ass, mä de Regime.

Au contraire, duerch eng Besserstellung vun de Leit eleng - an ech mengen, et ass ganz wichteg, dass do déi onmënschlech, ondifferenzéiert ekonomesch Sanktiounen opgehuewe ginn -, kann déi néideg Basis fir de Widderstand geschafe ginn, a wann do eng international Kontroll op der Plaz täteg ass, gëtt och eng gewëssen Öffentlechkeet geschafen, fir d'Leit virun Iwwergréff ze schützen a fir hinne Courage ze maachen, fir sech fir hir Rechter anzesetzen.

Mir mengen, dass dat och méiglech ka sinn ouni permanente militäreschen Drock, ouni déi Drohkuliss, déi do opgebaut ginn ass an déi jo a Wierklechkeet nëmmen deenen déngt, déi se och effektiv wëllen asetzen.

Et muss ee sech bewosst sinn, dass net all Ofrüstungsproblem e Krichsgrond op Grond vum Artikel 7 vun der UNO-Charta ka sinn. An e gewaltsame Remplacement vun engem Regime ass och net an der UNO-Charta virgesinn. En l'état actuel, no deem Bericht, dee mer vun den UNO-Inspekteren héieren hunn, misst also schonn eendeiteg bewise ginn, dass déi Saachen, déi nach eventuell am Irak fonnt ginn - ech wëll jo net behaapten, dass de Saddam Hussein en éierlechen Diktator wier, et kann ee jo dovun ausgoen, dass och nach Saachen do leie vun deenen hien näischt seet, ech gi souguer dovunner aus -, dann awer och esou e Charakter missten hunn, dass ee ka vun deene Waffen, déi elo nach do leien, soen: Et geet eng ganz däitlech Gefor fir de Fridden aus, déi et erlaabt no der UNO-Charta, Kapitel 7, fir eng militäresch Aktioun duerchzeféieren. An ech fannen, dass ebe just dat de Moment net de Fall ass, a ganz eendeiteg net de Fall ass.

Wann ee gesäit, dass verschidde Leit, an et sinn haaptsächlech d'Amerikaner, soen - heiansdo héiert een och esou Téin heibannen -: Wann de Saddam Hussein net beweist dass en éierlech kooperéiert - aktiv a proaktiv, huet den Här Juncker hei emol gesot -, da geet dat schonn als Krichsursaach duer.

Ech fannen dat ass och net konform zum internationale Recht. Et geet do net ëm Intentioune vu Leit, ëm eng mangelnd Kooperatioun vu Leit, mä et geet drëm fir festzestellen, ob effektiv vun deene Leit oder vun deene Länner eng ganz konkret Gefor fir de Fridden ausgeet. An déi ganz Diskussioun iwwert déi mangelnd Kooperatiounsbereetschaft huet awer och e bësschen derzou bäigedroen, fir Waasser op d'Mille vun deenen ze kierpen, déi hei ganz kloer wëllen a Richtung vu Krich goen.

Ech mengen et ass jo ganz däitlech, dass d'USA versiche mat alle Mëttelen, an heiansdo och ganz komesche Mëttelen, wéi ekonomesch Erpressungsversich an esou weider, eng ganz Rei vu Leit op hir Säit ze zéien. An ech muss souguer soen, Här President, wann een déi UNO-Resolutioune sou liest, da fënnt een do heiansdo ganz komesch Formuléierungen an dann huet een heiansdo souguer d'Impressioun, dass se elo schonn unilateral géife verschiddene Staten erlaben, an zwar déi lescht UNO-Resolutioun 1441, e Krich ze provozéieren, anzegräifen, wa se der Meenung sinn, UNO-Resolutioune wieren an engem oder deem anere vun hire Punkte verletzt ginn.

An der UNO-Resolutioun 1441 vum 8. November 2002, also déi allerlescht, steet zum Beispill déi folgend Formuléierung dran: «rappelant que sa résolution 678» vun 1990 - sou wäit geet déi Begrënnung also zréck - «a autorisé les Etats membres à user de tous les moyens nécessaires pour faire respecter et appliquer la résolution 660...» vum 2. August 1990. (1990 ass et ëm de Kuwait gaangen, dee besat gi war a wou gesot ginn ass: All State sinn elo opgefuerdert fir mathëllefen de Kuwait ze befreien.) An da gëtt sech dorop bezunn, fir elo nach ze soen: „...et toutes les résolutions pertinentes adoptées ultérieurement". Déi ginn och nach mat a Betracht gezu fir dee Blankoscheck, dee jo da quasi an der Praxis d'USA an d'Engländer hei géife kréien, fir och unilateral anzegräifen, andeems se soen: Mir maachen dat net a Violatioun vun der UNO-Charta, mä mir maachen dat ganz däitlech op der Basis vun der UNO-Charta, well d'UNO-Charta erlaabt eis dat an deem Passage, deen ech elo virgelies hunn.

Do muss een awer heiansdo soen: Och wa verschidde Länner elo ganz courageiert versiche géigenzesteieren, do hu se awer eestëmmeg akzeptéiert, dass esou eng dubios Formuléierung an d'UNO-Resolutioun vum November 2002 ageschriwwe ginn ass. Da muss een awer e bëssche seng Zweifelen hu wéi dat elo soll weidergoen, an da kann ee vläicht net méi esou optimistesch sinn, ob déi Länner dann och bis zum Schluss wäerten an hirer Haltung géint déi Décisiounen duerchhalen, déi eventuell vun der UNO geholl kënne ginn.

Ech kann och dofir net de Standpunkt vun der Regierung deelen, wa se d'Debatt einfach nëmme wëllt reduzéieren op d'Fro ob den Irak UNO-Resolutiounen akzeptéiert oder net. A wann e se net géif akzeptéieren, géif dat jo zimlech automatesch no deem Scénario deen opgebaut ginn ass heeschen, och mat der UNO hirer Hëllef, dass et zum Krich géif kommen, och wann dat, natierlech wéi ëmmer verséchert gëtt, en dernier recours wier. Et muss een ëmmer erëm dorobber zréckkommen. Krich ass nëmme méiglech duerch d'UNO, wann e Stat eng Menace pour la paix duerstellt, an dat muss konkret vu Fall zu Fall ënnersicht ginn.

Dat alles huet näischt mat der Fro ze dinn, Dir Dammen an Dir Hären, ob ee sech net en demilitariséierten an demokrateschen Irak ouni de Saddam Hussein a säi Regime géif wënschen. Selbstverständlech wënsche mir eis dat och.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Här Urbany, Är Zäit ass ëm.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- An et ass och esou, dass déi lénk Oppositioun am Irak wahrscheinlech an der Zäit den héchsten Tribut un den Diktator bezuelt huet. Et ass mol vill geschwat ginn - haut net méi esou vill - vun de Pendaisons de Bagdad, wou ganz Reie vun Oppositionellen öffentlech zu Bagdad higeriicht gi sinn, an dat sinn déi Leit déi haut feelen, fir den Diktator ze stierzen. Dat huet awer deemools kee vun deenen eminente Membere vum Weltsécherheetsrot gestéiert, weder aus Ost nach aus West, muss ech soen, fir mam staarke Mann vu Bagdad an d'Geschäft ze kommen an deen an d'Lag ze versetzen, de Krich géint den Iran ze féieren, mat deem ganze Begleitcortège un interne Repressiounen, déi och schonn deemools bekannt waren.

M. le Président.- Här Urbany, Dir hutt Är Zäit schonn dräi Minutten iwwerschratt. Ech bieden lech zum Schluss ze kommen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, ech hu jo nach fënnef Minutte bei de Resolutiounen.

M. le Président.- Neen, et sinn der nach zwou. Dir hutt duerch d'Motioun der och schonn dräi eran. Ech sinn net klenglech, awer ech géif lech bieden zur Schlussfolgerung ze kommen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech géif da versiche mat där Zäit, déi ech bei de Motiounen hunn, zum Schluss ze kommen.

M. le Président.- Gutt, maacht dat.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Deemools ass och den Här Rumsfeld, mam Seege vu Big-Oil a Big-Gun, op Bagdad gereest an huet diplomatesch Beziehunge mam Diktator opgeholl an dat war grad zu enger Zäit, wou deen, iwwregens am flagrante Géigesaz zu haut, bis un d'Zänn bewaffnet an um Héichpunkt vu senger Muecht war.

Et ass duerfir och keen Antiamerikanismus, wann ee sech elo géint déi kloer ausgedréckte Krichsabsicht vum Här Bush a senger Equipe zur Wier setzt, där hiren Hannergrond jo relativ bekannt ass. Et kann een do ganz berouegt sinn, well déi kloerst an déi däitlechst Kriticken un där Politik kommen aus den USA selwer, wou et och eng grouss Friddensbewegung gëtt.

D'Resultat vun engem zweete Golfkrich, och wa keen e wollt, mä wann en herno kënnt, ass virauszegesinn. Mir hu gesinn, datt den éischte Golfkrich Zéngdausende vun Doudege gefuerdert huet. Mir hu gesi wéi wirtschaftlech Sanktiounen ouni all Differenzéierung dozou gefouert hunn, dass Zéngdausende vu Leit hu mussen dru gleewen, an dass déi Leit mat deene Sanktiounen a Wierklechkeet jo deem Regime ausgeliwwert gi sinn.

En zweeten Irakkrich bréngt ouni Zweifel nach méi wäitgehend Konsequenzen, an zwar net nëmmen eng humanitär Katastroph, mä de Krich géif och riskéieren de ganze Mëttleren Osten a Brand ze setzen an zu engem richtege Kulturkrich an zu enger wierklecher Gefor fir aner Deeler vun der Welt ze ginn. Aner Leit viru mir hunn dat zimlech däitlech beschriwwen.

Ech hunn elo nach näischt gesot iwwert d'Roll vun den USA, mä och vun anere Groussmiechten an där Géigend vun der Welt, iwwer hir ekonomesch Interessen, zum Beispill d'Interesse vum Pëtrol, déi jo an der amerikanescher Regierung esou iwwervertratt sinn, mä déi awer och d'Interesse vun anere sinn, wéi den Europäer, de Russen, de Chinesen oder de Japaner. Et ass souguer ze fäerten, dass zum Schluss de Kuch vum irakeschen Uelech um Bockel vum irakesche Vollek opgedeelt gëtt ënnert deene verschiddenen UNO-Sécherheetsrotsmemberen.

Ech hunn och nach näischt gesot iwwert d'Hierkunft vun all deene Massevernichtungswaffen op der Welt.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Här Urbany, Dir musst awer elo Schluss maachen. Dir hutt elo och d'Motiounszäit scho mat ageholl. Ech sinn net klenglech, mä kommt awer elo wann ech glift zum Schluss. Dir fänkt ëmmer erëm en neit Kapitel un.

***(Hilarité)***

Mir hunn nach eng hallef Dose Riedner agedroen. Näischt géint näischt, awer...

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, et ass e ganz komplizéiert Thema.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Jo, mä et muss ee sech konzentréiert faassen. Et sinn der, déi vill méi kuerz dozou geschwat hunn.

***(Brouhaha général)***

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- De Krich ass natierlech ganz einfach am Verglach zum Versuch fir emol esou e komplizéierten Tatverhalt duerzestellen. Dat ass ganz kloer.

***(Interruption)***

Ech sinn iwwerzeegt, Här President, dass eis nëmmen eng gewuesse Weltöffentlechkeet, déi sech de 15. Februar ganz däitlech gewisen huet, déi international Legalitéit bréngt, déi mer vis-à-vis vun der Globaliséierung vun der Wirtschaft a vum Versoe vun der Politik, wéi mer et de Moment zimlech däitlech erliewen, brauchen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Jaerling huet elo nach d'Wuert.

Une voix.- Oh neen!

***(Interruption)***

M. le Président.- Jo, hien huet nach e puer Minutten zegutt.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, haut ass vill iwwert de Krich an de Fridden debattéiert ginn, an et huet mer elo esou geschéngt wéi wa mer schonn e klenge Krich am Parlament hätten, an zwar Oppositioun géint Regierung, wou jiddferee mengt an der Irakfro Recht ze hunn, a menger Meenung no och Recht huet, well mer schlussendlech all datselwecht wëllen, nämlech eng friddlech Léisung vum Irakproblem, just jiddfereen hätt dat gären op seng Aart a Weis.

Mä wa mer vu Krich schwätzen, da froen ech mech awer, ob mer net schonn iwwer zéng Joer Krich féieren, zwar kee Waffekrich, mä e Krich iwwer Embargoen, déi sech just géint dat irakescht Vollek riichten. Embargoen, wou d'Modalitéiten an enger UNO-Lëscht festgehale sinn, déi awer de Saddam Hussein net konnten an d'Knéien zwéngen, mä déi just dem irakesche Vollek substanziell Liewensmoyenen entzunn hunn. Et ass zum Deel doduerch wou de Saddam Hussein et fäerdeg bréngt säi Vollek ëmmer erëm géint déi international Communautéit opzebréngen.

Wär et duerfir net am Sënn vun enger friddlecher Léisung, all Embargoen ausser déi, déi mat Krichs- a Vernichtungsmaterial a Verbindung ze brénge sinn, opzehiewe fir dem irakesche Vollek ze beweisen, datt et net géint si geet, mä eleng géint deen onmënschleche Regime vum Saddam Hussein, fir domadder dat irakescht Vollek dovun ze iwwerzeegen, datt eng Zesummenaarbecht vun hinne mat den Inspekteren a mat deene Leit, déi hinnen hëllefe wëllen, dozou bäidréit de Regime vum Saddam Hussein op eng friddlech Aart a Weis duerch eng demokratesch Regierung ofzeléisen, déi de Fridde laangfristeg garantéiere kënnt, an net duerch iergendeng Pëtrolsregierung no engem Krich?

Dofir misst déi UNO-Lëscht, déi d'Embargoartikele festleet, iwwerduecht gi fir den Iraker erëm Liewensqualitéit ze garantéieren, andeem hinnen déi liewenswichteg Moyenen erëm kënnten zougänglech gemaach ginn, well ech sinn der Meenung, datt een an der Weltöffentlechkeet net mat zwou Moosse miesse kann: engersäits Embargoe géint eng Hussein-Diktatur ausschwätzen, anerersäits awer Embargoe géint eng Nordkorea-Diktatur ophiewen, wou ganz kloer bewisen ass, datt déi Massevernichtungsmëttelen hunn an dass déi sech och scho geäussert hu wéi wa se déi wëllten asetzen. Ech mengen dat sinn deux poids et deux mesures, an do misst och vun der UNO aus eng Kéier iwwerduecht gi fir awer wierklech do eng aner Politik ze féieren.

Ech hoffen op jidde Fall, datt mer haut e Konsens fannen, wou dat ganzt Parlament kann op ee Wee goen, an datt d'Regierung alles dru setzt, esou wéi si et ugekënnegt huet, fir eng friddlech Léisung ze fannen, mä ech si perséinlech awer der Meenung, wann dat net sollt de Fall sinn, dass een dann awer dat lescht Mëttel, wat een huet fir dee Mann ënner Drock ze setzen, op kee Fall soll ausser Uecht loossen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler huet nach d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Parteichef vun der sozialistescher Partei huet haut de Moien eng Interventioun gemaach, wou een am éischten Deel vu sengen Ausféierunge kann op enger Rei vu Strecke mat him d'accord sinn, mä hien ass leider am zweeten Deel vu sengen Ausféierungen dem Versuch erleeë sech net nëmme mat der Positioun vun der Regierung ausernee gesat ze hunn, mä virun allem och parteipolitesch Elementer an déi Debatt hei afléisse gelooss ze hunn. Dofir wollt ech e puer Remarke maachen.

Et fält op, dass déi sozialistesch Partei zënter Woche versicht fir esou ze maache wéi wa si déi eenzeg Formatioun am Land wier, déi fir de Fridde wär, an esou mécht wéi wann déi aner, virun allem d'Regierung an déi Parteien, déi se stëtzen, an et ass textuell esou gesot ginn, wéi wa mir eis deenen ugeschloss hätten, déi nëmmen an der Gewalt eng Léisung fannen.

Éischtens ofgesinn dovun, dass dat total falsch ass - an et ass haut de Moien a bei anere Geleeënheete scho méi oft ervirgestrach ginn, dass et total falsch ass -, esou sinn d'Sozialisten och déi eenzeg, déi d'Haltung esou gesinn. Wann ech kucke wat europäesch Regierungen zu eiser Haltung gesot hunn, wat all d'Presseagenturen zënter Woche mellen, da gesäit een dass mir néirens agereit ginn an déi Kategorie, déi Amerika bedingungslos hei géif ënnerstëtzen. Mir figuréieren néirens am Lager vun den Häre Blair, Aznar a Berlusconi.

Wann een dann d'Äußerungen héiert, déi de Parteipresident hei mécht, da stellt ee vill Contradictioune fest. Op där enger Säit gëtt gesot d'Regierung wär an engem No man's land, am Figaro hätt Lëtzebuerg figuréiert mat enger wäisser Plaz, mir hätten also keng Positioun, ...

***(Interruption)***

...an zur selwechter Zäit, gëtt hei op der Tribün erkläert, d'Regierung huet de Camp vun deene gewielt, déi just an enger militärescher Interventioun eng Léisung gesinn.

Or, Här President, de deux choses l'une. Ech muss soen: Keng vun deene Positiounen ass an eisen Ae gerechtfäerdegt, et ass dacks genuch gesot ginn, mä wann et dann esou wär wéi den Här Asselborn seet, dann ass een entweder an engem No man's land an et huet ee keng Positioun, oder awer et ass een am Camp vun deenen, wéi hie seet, déi eng militäresch Interventioun wëllen. Décidéiert lech emol! Wann Dir de Leit dobausse wëllt soen, scho suggéréieren, wou dës Majoritéit, wou dës Regierung steet, da musst Der lech awer décidéiere fir déi eng oder fir déi aner. Et geet jo net, fir zur selwechter Zäit an engem No man's land ze sinn an op där anerer Säit awer e Camp gewielt ze hunn.

Dat nëmmen zu där Contradictioun an den Ausféierunge vum Här Asselborn, deen iwwregens zënter Wochen hartnäckeg d'Positiounen, déi d'Regierung ageholl huet, ignoréiert, einfach net zur Kenntnis hëlt an de Kapp an de Sand streckt bei deem wat à multiple reprise gesot ginn ass. An haut de Moien, Här President - dat war jo apaart flott -, wéi d'Regierung nach eng Kéier hei däitlechst hir Haltung definéiert an erkläert huet, ass den Här Asselborn hei op d'Tribün komm an huet gesot: „Ma dat do si jo lauter Plattitüden."

Jo, lauschtert emol: Wochelaang näischt zur Kenntnis ze huelen, einfach de Kapp an de Sand ze strecken, ze maache wéi wann näischt wär an dann haut de Moien, wann ee schliesslech net méi derlaanscht kënnt, fir nach tant soit peu glaubwürdeg ze bleiwen, wéi alles nach eng Kéier däitlech hei op den Dësch geluecht gëtt, dann heihinner ze kommen an ze soen dat wäre Plattitüden. Also, Här President, ech weess net méi wat een nach soll soen opgrond vun esou enger Haltung. Wat maacht Der mat engem Diskussiounspartner, deen einfach net wëllt, deen näischt zur Kenntnis hëlt a wann hien et zur Kenntnis hëlt, da seet hien: Dat do ass näischt.

Den Här Asselborn huet och gesot d'Majoritéit hätt lavéiert a schwadronnéiert ëm d'Fro vum Gewaltmonopol an dem Völkerrecht. Ech verweisen nach eng Kéier hei drop hin - an ech hunn et de Moie schonn eng Kéier gemaach -, wat viru méi wéi zwee Méint an engem RTL-Interview vum Chef vun der Regierung gesot ginn ass, wou hie gesot huet: „Déi international Communautéit an net d'Amerikaner eleng mussen handelen. D'Völkerrecht muss zur Geltung kommen." Dat huet hien am Dezember kloer an däitlech gesot. Jo firwat gëtt dat...

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- An eis Motioun stëmmt Dir net?

Mä, Här Asselborn, Är Motioun am Oktober ass hei net nëmmen net gestëmmt gi vun der Majoritéit; och déi Gréng, och den ADR hunn déi Motioun ofgelehnt.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Déi hu se gestëmmt.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Neen, déi hu se net gestëmmt. Dir waart déi eenzeg, déi se gestëmmt hunn, all aner Fraktiounen hei am Parlament hunn déi Motioun ofgelehnt. Här Asselborn, Dir kënnt lech emol net méi drun erënnere wie se gestëmmt huet oder net. D'ganzt Parlament hei war géint Är Motioun, well an Ärer Motioun Dir méi wäit gaange sidd an Ärer Logik wéi an där Logik, wou mir eis deemools net wollten hi beginn. Dat hunn déi Gréng esou gesinn, dat huet den ADR esou gesinn, an dat hunn d'Majoritéitsparteien esou gesinn. Dir wëllt et einfach net zur Kenntnis huelen, Dir streckt de Kapp an de Sand virun deem wat gesot ginn ass.

Da wëll ech nach soen, Här President, dass den Här Asselborn och gesot huet, d'Majoritéit schwadronnéiert a lavéiert ëm déi Fro vum Gewaltmonopol.

***(Interruption)***

Ech erlaben et elo net. Stellt Dir Är Zwëschefroen herno, Här Asselborn.

M. le Président.- Här Asselborn, Dir kënnt jo herno d'Wuert froen.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Wat hate mer da gefrot?

„- à demander au Gouvernement américain de s'abstenir de toute action militaire unilatérale contre l'Irak et de respecter les principes du droit international;

- à s'exprimer publiquement contre toute participation dans une action militaire menée contre l'Irak, au cas où la solution aux problèmes liés à l'Irak n'est pas recherchée dans la stricte application de la Charte des Nations Unies et des résolutions du Conseil des Nations Unies."

Här Weiler, dat heite war am Januar, dann hätt Dir dat jo kéinte stëmme bis Är Positioun emol klor gewiescht wär.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Dann huelt d'Motioun déi vun der Majoritéit gestëmmt ginn ass. Dat war déi Positioun, déi mir arrêtéiert hunn.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Ma do steet iwwerhaapt näischt dran.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, ech wëll lech soen, dass am Oktober schonn ëm déi Fro vum Gewaltmonopol oder ëm dat unilateraalt Virgoen hei am Parlament Konsens bestanen huet, an den Här Asselborn huet dee Konsens am Oktober hei am Parlament iwwert déi dote Fro festgehalen. Ech zitéieren den Här Asselborn, deen hei gesot huet: „Dat schéngt ganz kloer ze sinn. Mir wëllen alleguerten heibannen net dass unilateral gehandelt gëtt." Dat huet den Här Rippinger, dat huet d'Madame Polfer an dat hunn och aner Kolleegen esou gesot.

***(Interruption)***

Ech schwätze vun der Roll vum Conseil de Sécurité, ob soll unilateral virgaange ginn oder net. Do hu mer Konsens hei am Parlament am Oktober d'lescht d'Joer festgestallt. An der Debatt viru 14 Deeg, Här President, huet den Här Asselborn zwou Froen un d'Regierung gestallt. En huet gefrot: Här Juncker, Madame Polfer, stitt Der op der Säit vun deenen, déi am internationale Recht an an der Diplomatie Instrumenter gesitt, fir friddlech Léisungen och a komplexen a schwierege Froen ze sichen? Dat ass eng kloer Fro: Madame Polfer, Här Juncker, stitt Der op der Säit vun deenen déi internationaalt Recht béie wëllen an och Mëttelen dozou hunn, fir dat Recht ze béie fir Krich ze veränntwerten?

Här President, déi dote Froen, déi do gestallt gi sinn, déi ware beäntwert. Déi ware schonn am Oktober beäntwert, an déi sinn am Dezember beäntwert ginn, déi sinn op engem Briefing vun der Regierung de 7. Februar beäntwert ginn. Et war an allen Zeitunge bis an den Detail nozeliesen. De Statsminister huet deklaréiert bis zur leschter Sekonn: eng politesch, eng diplomatesch Léisung, nei diplomatesch Initiative fir eng friddlech Léisung, méi Zäit, méi Mëttele fir d'UNO-Inspekteren, en toute hypothèse näischt ouni UNO-Mandat, keng Alleingäng.

Dat war de 7. Februar. Den 11. Februar kënnt den Här Asselborn erëm heihinner a freet, wéi et mat der Haltung vun der Regierung wär. Dunn huet de Statsminister an där Debatt déi dote Positiounen nach eng Kéier kloer an däitlech duergeluecht. Dräi Deeg drop héieren ech den Här Asselborn nees op enger Radiostatioun, wou e seet: Keng kloer Positioun vun der Regierung.

Här President, muss een dann dem Här Asselborn et mole wéi een et gesäit, bis dass hien endlech wëll verstoen?

Nach dräi Remarken:

Den Här Asselborn freet ëmmer, wat huet d'Regierung dann ënnerholl fir den USA ze soen, dass den Irakkonflikt net mat militäresche Mëttelen ze léisen ass. Et ass eng Fro op déi d'Regierung muss äntweren, ech kann net dorop äntweren, ech weess awer, dass déi amerikanesch Ambassade all Verlautbarung vun der Regierung minutiéis ophëlt an Amerika dat mellt. D'Amerikaner wousste ganz genau, an eis europäesch Frënn och, wéi d'Haltung vu Lëtzebuerg wär.

Wann den Här Asselborn ëmmer d'Regierung hei freet, als Chef vun der Oppositioun ass hie jo awer och a Foren dran, wou e seng Meenung ka geltend maachen.

***(Interruption)***

D'accord als Chef vun enger Oppositiounspartei. E mécht ëmmer wéi wann e Chef wär vun där ganzer Oppositioun.

D'Lëtzebuerger sozialistesch Partei ass Member vun der Sozialistescher International. Ech froen emol wéi eng Schrëtt de President vun der Sozialistescher Partei ënnerholl huet, fir dass d'sozialistesch International zu enger klorer an däitlecher Positioun kéim, well déi mellt sech jo zu ville Punkten zu Wuert.

Ech hunn d'Resolutioun vun der Sozialistescher International vum 20. an 21. Januar virleien. A wann Dir déi liest an deenen zwee, dräi wesentleche Passagen, ass et exactement dat, net méi an och net manner, wéi dat wat d'Haltung vun der Lëtzebuerger Regierung ass. Wann déi Haltung also net gutt ass, da froen ech mech, firwat den Här Asselborn säi Poids an der International - en ass jo ëmmer do derbäi - net geltend gemaach huet, fir dass dat, wat en hei seet, wat net gutt wär a wat net richteg wär an der Haltung vun der Regierung, dass dat Afloss fonnt hätt an d'Resolutioun vun där International. Ech kann Iech dat virliesen, ech kann Iech et och ofginn, Här President, fir dass et den Deputéierten hei ausgedeelt gëtt. Si ass deckungsgläich, déi sozialistesch International, mat der Haltung vun eiser Regierung.

***(Interruptions diverses)***

Ech muss awer och soen dass déi Sprooch, där de President vun der LSAP sech an dësem Dossier bemächtegt huet, dach awer relativ appart ass.

En huet hei op der Chamberstribün gesot, dass zu Washington décidéiert gi wär, dass geschoss a gebommt misst ginn, an dass och eng Zilscheif hierhale misst.

Haut de Mueren huet en nach dropgeluecht a gesot, et gëtt elo den Irak, mä et hätt awer och kënnen den Iran oder Palästina ginn.

Wat ass dat do da fir eng Sprooch vun engem responsable Politiker an där heite Fro? Ech hunn d'Debatten aus dem däitsche Bundestag zum Kanzler Schröder senger Erklärung nogelies. Do gouf vun alle Säite Positioun ergraff, vu villen Deputéierte vun alle Borden. Do gouf ganz kritesch mat Amerika ëmgaangen, mä keen huet awer esou eng ongehuwelt, wann ech dat däerf esou ausdrécken, Sprooch gebraucht fir déi heite Problematik ze beschreiwen, wéi den Här Asselborn dat gemaach huet.

Den Här Bausch huet an zwou oder dräi Interventiounen an dësem Parlament zu der Irakproblematik Stellung geholl an en ass äusserst kritesch mat Amerika ëmgaangen, mä en huet awer eng Sprooch gebraucht, Här President, déi dem Eescht vun der Situatioun entsprach huet. En ass net mam Huwel virgaangen, dass Spéin geflu sinn. Dat ass awer bei esou enger Sprooch wéi där doten de Fall.

Et gëtt nach e Politiker, deen esou eng Sprooch huet. Dat ass den Här Rumsfeld, deen och a grousse Kategorien a mat den Huwelspéin ka gutt ëmgoen. Wéinegstens op engem Punkt sinn déi zwee sech gläich, an zwar am Punkt vun där onnuancéierter a plomper Sprooch vis-à-vis vun enger Problematik wou et net ubruecht ass.

Zum Ofschloss zwee Wierder nach. Wat ee bedauere muss, dat ass dass déi ganz Problematik och vu Säite vum President vun der LSAP fir parteipolitesch Zwecker benotzt gëtt. Ech ginn Iech zwee Beispiller, Här Mars Di Bartolomeo, wann Dir mengt, ech géif do net richteg leien.

***(Interruption)***

O, wéi aarm, dat kënnt Der elo gläich soen, wann ech Iech zitéieren den Artikel aus dem Tageblatt, deen de President vun der LSAP virun zwou Woche geschriwwen huet a wou en, fir et emol douce auszedrécken, op eng extrem polemesch Aart a Weis - ech kënnt aner Terme gebrauchen - mat menger Partei ëmgaangen ass.

Do ass vu Feigheet geschwat ginn, vu Mëssbrauch, vu Schlechtegkeet. An dann huet e gesot: „Die CSV ist willig einem Krieg im Irak zuzustimmen." Ech muss soen, Här President, dat ass eng Gemengheet, wann een d'Aussoe vu führende Leit vun eiser Partei kennt, wann een d'Communiquéë kuckt, déi eis Partei an där dote Fro publizéiert huet. Wann een déi gelies huet an et kënnt een zu esou enger Konklusioun, dann ass dat eng hannerhälteg Ënnerstellung. Ech loossen dat net op eis sëtzen, dass den Här Asselborn, als President vun där gréisster Oppositiounspartei, iwwer eng aner Partei esou Onwourechten an d'Welt setze geet. An et geet net duer domat.

En huet da gesot: „Die CSV verachtet die Ehre." Ech muss soen, mir ass während enger gewëssener Zäit, wéi ech dat do gelies hunn, d'Sprooch ewech bliwwen. Ech froe mech, wou den Här Asselborn d'Recht hierhëlt, fir enger Partei wéi der CSV, déi 10.000 Memberen huet, fir deenen 10.000 Memberen d'Éier ofzeschwätzen, ze soen, déi géifen d'Éier veruechten. Dat acceptéieren ech net. Op esou eng Manéier geet een net ëm mam politeschen Adversaire.

Dat doten ass Ehrabschneiderei déi hei gemaach gëtt. Mir respektéieren d'Éier vun der sozialistescher Partei. Mir wëssen dass se eng huet. Mir respektéieren déi a mir zéie se net an den Dreck. A wann dat hei gemaach gëtt mat enger Partei vun 10.000 Memberen, da wieren ech mech bis op dat allerlescht géint den Här Asselborn, géint esou Aussoen.

An dann, Här President, kënnt den allerleschte Punkt. Et ka keen dem President vun der LSAP virschreiwen, dass en de Statsminister soll appréciéieren. Mä wat en haut de Moien hei gemaach huet, fir de Statsminister op den Niveau vun dem irakeschen Diktator ze setzen, fir e mat engem Abzéibild vun deem ze vergläichen, engem Mann wou den Här Bausch virdru gesot huet, dee géif virun e Krichsverbriechertribunal gehéieren, fir dat ze maachen, Här President, dat ass en Niveau, Här Asselborn, deen ass net méi ze ënnerbidden.

Muss ee sech dann hei am Lëtzebuerger Parlament wierklech all Dénigratioun, all Ernidderegung am allgemenge gefale loossen? Wann dat de Fall ass, Här President, dann hätte mer besser d'Dieren hei zouzemaachen. Ech muss soen, de President vun der LSAP huet haut de Moie weder sech nach senger Partei en Déngscht geleescht.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Asselborn freet d'Wuert.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn net op alles a wat de Kolleeg Weiler elo hei produzéiert huet. Ech wëll awer just zum Fong fir d'éischt soen, dass mir jo an enger parlamentarescher Demokratie sinn. An ech verstinn eigentlech net déi Sturheet, déi d'CSV an och Regierungsvertrieder einfach an déi Tatsaach eraleeën, dass si eng Positioun gehat hätte vum Oktober un, déi kloer definéiert gewiescht wier. Firwat? Am Oktober, soen ech nach eng Kéier, hate mir hei an enger Motioun gefrot, dass ouni Mandat vun den Nations Unies keng Aktioun kënnt ënnerholl ginn. An ech hat e Gespréich, ech soen Iech dat, mat führende Leit aus der Lëtzebuerger Regierung driwwer. Dat ass der Regierung dee Moment ze wäit gaangen. Mir wollten am Oktober Klorheet hunn.

Déi zweet Saach ass, dass mer hei eng Motioun déposéiert haten, an ech hunn dem Här Weiler se elo virgelies, wou ganz kloer dra steet, dass d'Lëtzebuerger Regierung opgefuerdert gëtt géint all Actions militaires unilatérales ze sinn, an dass se och fir all Actions militaires unilatérales all Participatioun misst ofweisen. Sot mir emol, wann Är Positioun esou kloer war, firwat ass dat dann ofgelehnt ginn? Firwat hutt Der dat aus Ärer Motioun erausgestrach? Dir kënnt dach net d'Lëtzebuerger fir domm halen. Hei ass dach e Parlament. Wann eppes heihinner geluecht gëtt fir ofzestëmmen an Dir stëmmt dergéint, dann ass dat dote jo net Är Positioun. Da kënnt Der hei ziele komme wat der wëllt.

Elo soen ech Iech nach eppes zu där Saach. Wann d'Oppositioun ënnerstallt kritt, mir hätten hei d'Onwourecht gesot oder mir wieren net logesch an eisem Raisonnement, dann ass den OGB-L, dann ass d'Caritas, dann ass d'Lëtzebuerger Wort, an ech zitéieren Iech d'Lëtzebuerger Wort, da sinn déi alleguerten daf. D'Lëtzebuerger Wort schreift den 20.02: „Luxemburg, da hilft kein Schönreden,…."

***(Interruptions diverses)***

„Luxemburg, da hilft kein Schönreden, hat eine Chance verpasst sich auf der internationalen Bühne Gehör und Ansehen zu verschaffen. Deshalb die Regierenden hier zu Lande als wilde Kriegstreiber darzustellen und quasi als verlängerten Arm der Bush-Administration zu geisseln, ist zumindest eine Art politischer Unehrlichkeit."

Dat hu mir net gesot. Mir hunn net gesot, dass een aus der Regierung e Krichsdreiwer wier. Mä ech soen et nach eng Kéier, wat mer gesot hunn. Mir hu gesot, wann all Regierungen an Europa sech verhalen hätte wéi d'Lëtzebuerger Regierung, am Contraire zu der belscher Regierung, an d'Belsch ass net vill méi grouss wéi Lëtzebuerg, am Contraire zu Däitschland an am Contraire zu Frankräich, da wier dee Krich do laang amgaangen. Da wier nämlech keng Oppositioun do gewiescht, fir den Amerikaner ze soen, neen, halt, mir musse wierklech anhalen ier mer elo do duerschloen.

Nach eppes, Här President, déi Leit, déi op der Strooss waren, an dat ass fir mech de Kritär, do hunn ech keen héieren hei zu Lëtzebuerg, an ech soen dat nach eng Kéier wat ech de Moie gesot hunn, dee sot, ech sinn houfreg mat der Positioun vun eiser Regierung, déi ass kloer doranner. Dat hunn awer Leit an der Belsch gesot, dat hu Leit a Frankräich gesot, dat hu Leit an Däitschland gesot. Dat ass den Ënnerscheed tëschent der Positioun vun deenen dräi Länner an eisem Land.

Elo déi Geschicht mat der CSV. Mir kenne jo déi Ethik vun der CSV. Esou bal se ugegraff gëtt, da fänkt se un déi Rieden do ze halen, déi elo grad den Här Weiler hei gehalen huet. Dat kenne mer zënter Joren a Joren.

Här President, ech wëll Iech soen, ech hunn net, a kee vun eiser Partei huet ee gewëssene Moment vu Revanche geschwat, a geschwat wierklech dass déi Revanche géif bluddeg ginn. Dat huet kee vun eis gesot. Dat huet en CSV-Mann gesot, dee Statsminister ass, an et huet och kee vun eis dat Wuert mam „Hinter" gesot. Dat huet kee vun eis gesot, dat bayrescht Wuert, wat ech elo net méi soen. Dat huet en CSV-Mann gesot, dee Premierminister ass. Do muss ee sech dach kënne wieren dergéint.

Wa mer dat alles hei unhuelen an enger Demokratie, da pake mer an. Da kënnt Der soen oder maache wat Der wëllt. Ech soen Iech just eent, wann hei d'CSV bei esou Attacken, déi de Statsminister, en CSV-Mann, soen ech nach eng Kéier, hei reit, an da geet direkt hei dee schwaarze Jammerchouer un, wann ee sech dergéint wiert. Ech soen Iech dat, de Stat, d'öffentlech Meenung an d'Lëtzebuerger Politik stinn net ënnert der Fuchtel vun der CSV. Mir sinn am 21. Jorhonnert, gleeft mer dat, an et gëtt nach besser wéi et elo ass.

Dann eng drëtt Saach, déi ech wollt soen, d'international Sozialisten. Mir wäerten eis wëssen ze wieren. Dir huet hei eng Resolutioun zitéiert, Här Weiler, vun den internationale Sozialisten. Déi ass am Januar, den 20. an 21. geholl ginn. Dir hutt ee Saz net zitéiert, dee seet: „parallèlement, nous ne pouvons pas permettre que la communauté internationale soit l'otage d'un seul Etat."

Ech soen Iech elo emol nach eppes, Här Weiler. De Moien hunn ech kloer hei explizéiert, dass mer ënnert den Erkenntnisser, déi mer haut hunn, net de Prinzip a Fro stellen, dass an der UNO, opgrond vun der UNO-Charta, ni däerf militäresch Gewalt applizéiert ginn am Kader vun engem Konflikt. Mä an dësem Konflikt mam Irak ass d'Bedrohungspotenzial vum Irak net grouss genuch, an d'Schied, déi géifen entstoen, dat heescht déi negativ Säit vun enger Interventioun, schéngen eis vill ze vill héich ze sinn, an dofir hu mir gesot, à ce stade, vun eise Connaissancen déi mer hunn, si mer mat an ouni UNO-Mandat dergéint, dass militäresch intervenéiert gëtt.

A fir ofzeschléissen, Här President, et kann een alles zerrieden, wierklech alles. Mä hei ass eng Zeitung, déi heescht „Le Monde", an hei ass eng Zeitung, déi heescht „Libération". Vun deene kann een hale wat ee wëllt, mä dat si seriö Zeitungen, an do si Journalisten hei an d'Land komm, déi hu sech informéiert, wéi ass d'Positioun vun all Land, och hei zu Lëtzebuerg. An der „Libération" steet bei Luxembourg: „Sans position officielle". Also wäerte se dach iergendwou an der Regierung eng Positioun gefrot hunn a si hu keng Äntwert kritt. Kuckt beim „Monde", ech weisen Iech dat heiten, ech maachen och eng Kopie, fir dass jiddereen dat am Dossier gesäit: „Luxembourg ass wäiss, d'Schwäiz ass wäiss". Dat sinn déi Länner, déi keng Positioun hunn. Dofir, wann ech gelift, Dir kënnt hei argumentéiere wéi Der wëllt, mä haalt d'Lëtzebuerger net fir domm.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert versichen den Débat nees op eng roueg Manéier ze bréngen, well d'Situatioun ass grave genuch, dass mir eis op eng roueg, verstänneg a responsabel Aart a Weis, iwwert dat wat de Moment d'Debatt iwwert den Irak mat sech bréngt, kënne roueg an, wéi gesot, verstänneg a respektvoll ee vis à vis vun deem aneren heibanne féieren.

Et ass alt nees eng Kéier de Moien, awer ëmmer nees vun där nämlechter Säit gesot ginn - an ech sinn zwar frou dass vun der Säit vun der Oppositioun awer och aner Stëmmen do waren, déi de Message vun der Lëtzebuerger Regierung ganz gutt verstanen hunn -, mir hätte keng Positioun. An ech muss soen, ech fannen et wierklech schonn traureg, wann hei Artikele vun der Libération oder vum Monde oder wiem och ëmmer zitéiert gi fir dat ze beleeën. Fir dat heibannen ze behaapten, muss een effektiv entweder daf sinn oder wierklech awer de très mauvaise foi, well ech gleewen net dass an iergend…

***(Interruptions)***

Et huet kee Mënsch vum Monde a vun der Libératioun bei mir nogefrot a si schéngen op alle Fall d'Debatten hei vun der Chamber net nogelies ze hunn, well soss wéisste se dat ganz kloer. Well et wäert a kenger parlamentarescher Institutioun esou vill a wierklech esou detailléiert iwwert deen heite Froekomplex, deen et och der Méi Wäert ass, diskutéiert gi wéi hei.

Ech widderhuelen et net nach eng Kéier. De 26. September war ech an der Commission des Affaires étrangères. Den 10. Oktober hate mer heibannen eng laang Diskussioun, wou ech op déi kloerst Aart a Weis, an ech kann dem Här Asselborn awer elo beleeën, mir mussen eis just e bëssen Zäit huelen, wat ech dee Moment alles gesot hunn, eis Positioun duergeluecht hunn. Mir mussen dann zwee Sätz nach eng Kéier soen. Mir sinn, mir waren a mir wäerte fir eng friddlech Léisung sinn, déi mat diplomatesche Mëttelen erreecht ka ginn, a mir wëllen een Allenggang vun den Amerikaner mat anere verhënneren, vermeiden.

Dat ass déi Positioun déi mer awer wierklech, mat enger Stëmm, oder eng Kéier de Premier an eng Kéier ech selwer, an eng Kéier d'Vertrieder vun deenen zwou verschiddene Majoritéitsparteien, hei an allen Tounaarte gesot hunn. An een deen dat net wëllt nolauschteren, wéi gesot, deen huet eng vun deenen zwou Qualitéiten déi ech vidru gesot hunn.

Mir halen eis Positioun, do kann ech wierklech jiddfereen heibanne berouegen, déi gëtt zesumme festgeluecht, déi gëtt am Ausseministère vun deene Leit, déi op deene verschiddene Plazen a Poste sinn, ausgeschafft, déi droen ech am Conseil de Gouvernement vir, an ech kann Iech och do versécheren, dass mer eis ganz vill Zäit geholl hu fir intensiivst iwwer eis Positiounen an déi verschidden Haltungen ze diskutéieren.

A wa mer déi do Positioun ageholl hunn, dann ass et net fir ze lavéieren oder, wéi ech et de Moie vun iergendwou hei gehéiert hunn, fir sech mat deenen engen a mat deenen anere gutt ze halen. Neen, et ass net dofir, mä et ass wierklech den engagéierte Wëlle fir ze vermeiden, dass et ebe mar géif zu engem Allenggang vun deem engen oder deem anere géif kommen.

A firwat? Mä net fir engem Freed ze maachen, mä well et eisen ureegenen Intérêt ass. Et ass nun eemol den Intérêt vun engem klenge Land, dass déi Institutiounen, europäescher Natur, um Plang vun der Europäescher Unioun, ekonomesch a politescher Natur, um Plang vun der militärescher Natur, d'NATO a virun allem um Niveau vun der UNO, aarbechtsfäeg sinn, an dass déi Partner, déi mer an deenen engen a mat deenen aneren hunn, wa méiglech net komplett auserneen driften, mä dass mer alles musse maache fir se sou laang wéi méiglech zesummen ze halen an datt mer et solle fäerdeg bréngen, duerch all Diskussioune wou verschidde Sensibilitéiten zum Ausdrock kommen, fir se op eng gemeinsam Linn ze kréien oder ze halen.

Dat ass eisen Intérêt, an ech hoffen dass heibanne jiddferee sech bewosst ass, wéi wichteg dat do ass. E klengt Land wéi mir - an ech schwätzen elo hei net aus falscher Bescheidenheet, mä aus engem ganz grousse Realismus - muss wëssen, dass seng Iwwerliewenschance an enger internationaler Communautéit sech kënnen ze bewegen, wou et Regele ginn, wou et Plaze gi wou déi Regele kënnen ageklot ginn a wou déi Regelen och respektéiert ginn, wierklech ganz staark dovunner ofhänken. Dat mécht jo eise groussen Engagement um europäeschen an um internationale Plang aus. An dofir kämpfe mer jo, an dofir si mer jo op all deene Plazen esou dofir fir déi Unitéit, déi effektiv och de Moment nach net garantéiert ass, oprecht ze erhalen.

Ech ginn net méi op alles dat an, mä ech kéint dem Här Asselborn soen, deen de Moie gesot huet, ech gi mol net op d'DP an, ech kann Iech nëmme soen, ech sinn

net schizophren, dass ech als Ausseminister keng Problemer mat menger Qualitéit als DP-Presidentin hunn, dofir braucht Der lech doriwwer keng Gedanken ze maachen. Eis Positioun war, ass a wäert an dëser Affär glaskloer bleiwen. Mä een deen net wëllt lauschteren, deem kann een et oft erklären, dee wäert et och ni verstoen.

Ech hunn lech et den 10. Oktober heibanne gesot an ech wëll nëmmen dee Punkt eraus huelen, fir ze weise wéi komplizéiert an nuancéiert d'Debatt effektiv ass. Den 10. Oktober, wëll ech drun erënneren, hu mer virun allem drop geschafft, dass Amerika sech soll op de multilaterale Plang beginn; a si waren nach net do. An am Kader vun dem Conseil de Sécurité sinn d'Diskussioune geféiert ginn, besonnesch och dee Moment zwëschent den Amerikaner an de Fransousen, fir sech eens ze maachen op eng Motioun. A mir hunn alles gemaach fir dat ze ënnerstëtzen.

Ech war de 4. Oktober beim Colin Powell fir och do eis Positioun, net nëmmen déi lëtzebuergesch, mä déi europäesch, virzebréngen. A mir hunn dee Moment gesot, komm mir ënnerstëtzen dat, ëmmer aus deene selwechten Ursaachen. An ech hunn lech dee Moment geäntwert.

A wann et eis Eescht ass, sou wéi et och an Ärer Motioun steet, Här Asselborn, et ass eben ëm déi Demande gaangen, déi Dir elo just hei nach widderholl hutt, firwat dass mer dann net dee Moment scho gesot hunn et soll kee militäresche Schlag kommen a firwat dass mer dat net wollten…

***(Interruption)***

Ech hunn lech den 10. Oktober drop geäntwert.

***(Interruption)***

Wann et eis Eescht ass, esou wéi et och an Ärer Motioun steet, Här Asselborn, dass mer dem diplomateschen Effort all Chance wëlle ginn, da muss ee sech d'Méiglechkeet ginn ze verhandelen an dorop de ganzen Akzent ze leeën. A wann dat dann éieren net géif zu engem positiven Ausgang kommen, da misste mer natierlech heihinner zréck kommen an dee Moment eis Responsabilitéiten huelen.

Dat heescht dee Moment mir wollten net, a mir sinn an där Analys vun eben och deene Gréngen ënnerstëtzt ginn. Et war net fir dee Moment scho vu militäreschen Aktiounen ze schwätzen, an engem Moment wou een eng Resolutioun mol iwwerhaapt soll ausschaffen, fir e Kader vun den Nations Unies ze fixéieren.

***(Interruptions)***

Mir hunn d'Resolutioun net ausgehandelt, déi ass dee Moment ausgehandelt ginn a si ass ufanks November, Gott sei Dank, an do ware mir alleguerte ganz frou driwwer, zu engem positive Vote komm, deen à l'unanimité, ech erënneren hei nach eng Kéier drun, vum ganze Conseil de Sécurité matgedroe ginn ass, entre autres och vu Syrien. Mä ech hunn déi do Diskussioun hei geféiert.

Den 10. Januar si mer heihinner zréck komm a mir hunn et dee Moment nach eng Kéier, opgrond vun deem wéi d'Diskussioun den 30. Januar gelaf ass, kloer gesot. Ech ginn net méi drop an.

Une voix.- Ah dach, dat ass interessant.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Ech huele just ee Punkt, well ech et wierklech schlëmm fanne wéi hei versicht gëtt ze soen - an Dir hutt et elo de Moie ganz prezis gesot -, wann all d'Natiounen esou gehandelt hätte wéi d'Lëtzebuerger Regierung, da wiere mir elo schonn am Krich.

Mä da misst ech soen, da misste mer jo elo dra sinn. Well zënter dem 16. Februar waren Däitschland, den Här Fischer, an d'Belsch mat deene Positiounen, déi mir geholl hunn, d'accord. Wann Der also Recht hätt, da misste mer jo elo schonn zënter laangem dra sinn. Et ass awer nëmme fir ze weisen, wéi sou eng Duerstellung absolut net éierlech ass. Mir hunn an der NATO effektiv vu Mëtt Januar bis no dem Här Blix sengem éischte Rapport wierklech eis Positioun an eis Sensibilitéiten, an déi deele mer absolut mat deenen anere Partner.

An ech kommen nach drop zréck wéi mer elo stinn. Well déi Diskussioune si jo all net ofgeschloss. Hu mer effektiv eis Sensibilitéiten duerbruecht a gesot dass, wann een d'Aarbecht vun den Inspektere wëllt seriö huelen an hinne wierklech déi Valeur gëtt, déi mer hinnen all wëlle ginn, da muss ee wéinstens ofwaarde bis se hire Rapport virbruecht hunn?

Dofir hu mer gesot, wa mer och um Fong d'accord waren, den Timing géif eis net schéngen dee Richtegen ze sinn. A gleeft mer, mir hunn do schonn, gewëss als klenge Partner, mä crédibele Partner, eis Stëmm héiere gedoen. A gleeft mer, si ass och iwwerall do ukomm wou se sollt ukommen. Mir hunn also do schonn de Fanger op dat geluecht wou mer gemengt hunn dass et wichteg wier.

Koum dem Blix säi Rapport - Dir kennt d'Geschicht wou de Blix seet, et muss méi Pressioun gemaach ginn -, dunn hu mer gemengt dat wier de Moment fir eng aner Positioun ze huelen. Déiselwecht Positioun, déi 14 Deeg drop eben, no deem se deen zweete Rapport ofgewaart hunn, dee komescherweis awer méi positiv war, an nawell hu se d'Positioun geännert. Dat ass keng Kritik, ech stelle just fest.

Une voix.- Très bien.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Ech stelle just fest, de 15. Februar ware Milliounen Demonstratiounen an Europa, et bien, den Dag drop sinn eben déi zwee Länner, déi virdrun nach net op déi Positioun ageschwenkt waren, drop ageschwenkt, a mir ware Méindes de 17. um Conseil Européen, ech brauch net méi op deen Accord anzegoen.

***(Interruptions)***

M. Francois Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Madame Minister, et ass vläicht eppes do derbäi wat awer net richteg ass. Dir wësst awer och datt déi zwee Länner do gläichzäiteg gesot hunn, datt si dat do géife maache fir d'Europäesch Unioun als Unioun ze retten, mä datt si bei hirer grondsätzlecher Haltung, nämlech beispillsweis Däitschland, dat grondsätzlech géint de Krich ass, géife bleiwen. Hei ass et drëms gaangen, am Kader vun deem Conseil do, e minimale Konsens erëm hierzestellen no deem Zirkus deen zwou Woche virdru war. Dat war den Objektiv, wat dann zum Beispill Däitschland, mä och souguer Frankräich, bereet war ze ënnerschreiwen.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Abee, Här Bausch, mir hu genau déiselwecht Suerg, fir de minimale Konsens an der Europäescher Unioun ze halen.

M. Francois Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Jo, mä d'grondsätzlech Haltung vun Däitschland a Frankräich ass eng aner gewiescht wéi Är.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Ech hunn am Ufank gesot, dass dat, wat an deem Ganzen um Spill steet, wäit iwwer eis Käpp ewech geet. Awer wäit. Et steet effektiv um Spill, den Zesummenhang vun der Europäescher Unioun, den Zesummenhang vun der NATO an den Zesummenhang vun der UNO.

***(Interruption)***

An dofir - dann nach eng Kéier - si mer vun Ufank u fir eng friddlech Léisung mat diplomatesche Mëttelen agetrueden, well mer dat richteg fannen a well et eben och eisen Intérêt ass. Dat hu mer riichtduerch an allen internationale Gremien duerchgezunn. Et kann een awer leider effektiv de Moment nach net soen, dass mer en 100%teg Resultat hätten. Dat ass effektiv an dësem Moment wouer.

Komme mer elo wou mer elo stinn. De 17. Februar war de Conseil Européen mat Positiounen, wou jo awer virdrun, an elo kann een dat dréine wéi ee wëllt a soen, jo si wollten e Konsensus hunn, mä an där Motioun, an där Resolutioun vun dem Conseil Européen, sti jo awer extrem kloer Saachen, an do waren de Joschka Fischer an den Här Schröder och domat d'accord. Ech soen dat net als Reproche fir si, ech soen dat just, well et einfach net richteg ass ze maache wéi wann et déi eng géif ginn a wéi wann et déi aner géif ginn. Ech kommen elo op dës Woch zréck.

***(Interruptions)***

Ech kommen elo op dës Woch ze schwätzen. Dës Woch, wou e Méindeg d'Ausseministeren zesumme waren a wou eis englesch an eis spuenesch Kolleegen ënnerstëtzt vun e puer vum Conseil Affaires générales eis gesot hunn, dass deen Owend zu New York eng Resolutioun géif tabléiert ginn, déi eben elo wierklech géif froen - wéi soll ech soen - méi tough duerzefueren, fir festzestellen: „determined decides that Iraq has failed to take the final opportunity afforded to it by resolution 1442". Déi géingen se tabléieren.

Ech kann lech elo nëmmen dat soen, an ech hoffen Dir gleeft mer dat, dass dee Moment eis Kolleegen, déi dat heiten tabléiert hunn, ons am Conseil gesot hunn, dass dat eng Propositioun wier, déi op den Dësch géif geluecht ginn, mä déi net à ce stade zur Diskussioun wier a wou et och net géif zu engem Vote kommen, mä dass et fir si e Moyen wier fir d'Pressioun méi staark ze maachen. Dat huet hiren Ambassadeur, an da liesen ech lech et vir, och zu New York an engem Text, dee verdeelt ginn ass, deen also jiddferee kann noliesen, och nach eng Kéier gesot. Hie sot, an ech zitéieren: „There is still time under pressure from the council for Iraq to make the right choice. We shall not call for a vote on this text until a propper debate has been held and we are ready for the propositions in the text to be fully examined." Dat ass e Méindeg, wéi gesot, wéi deen Text...

***(Interruption)***

Här Bausch, loosst mech wann ech glift ausschwätzen. Mir sinn nach laang net fäerdeg. Ech hunn lech dat heite geäntwert, well Dir gesot hutt dat wier net wouer wat ech gesot hätt, dass se dat net géifen elo zum Vote stellen. Ech wollt dat just hei virbréngen.

Deen nämlechte Moment an dem Conseil vun e Méindeg huet eise franséische Kolleeg, den Här Dominique de Villepin, ons awer och gesot, dass si Propositioune géife maache wéi een d'Inspektioune dann elo kéint méi renforcéieren a wat ee kéint maachen. Ech kann dat hei ganz kloer soen: Déi Propositioun ass dans le droit fil vun der Logik vun dem Conseil européen, well wa mer um Conseil européen soen d'Inspektere sollen Zäit kréie fir hir Aarbecht uerdentlech ze maachen, da musse si jo och uerdentlech Zäit kréien. Da kann dat net no zwee Deeg eriwwer sinn.

Dat wat d'Fransouse soen ass souguer bal wuertwiertlech den Text vum Conseil européen erëmgeholl, wou se soen: „Pour qu'une solution pacifique soit possible les inspections doivent pouvoir bénéficier du temps et des ressources nécessaires." Domat si mer all d'accord. Dat hate mir de 17. gesot. Mä da soe se: „…mais pour autant elles ne peuvent se poursuivre indéfiniment. L'Irak doit désarmer."

Dann, an ech liesen dat besonnesch fir den Här Asselborn vir, a fir lech ze soen dass déi Diskussiounen nach net eriwwer sinn an dass et, esou laang een nëmmen e Schimmer vun Hoffnung huet - deen ass vläicht ganz kleng, do sinn ech gär domat d'accord -, awer nach kann zu engem Konsensus, also engem positiven Ausgang kommen. Dat wier e friddlechen Ausgang, wou den Irak sech géif deene Konditioune béien. D'Fransouse soen des Weideren an hirem Text: „…et ceci comprend notamment la fourniture d'informations spécifiques complémentaires sur les questions soulevées et la combinaison d'un programme d'actions précises avec des inspections renforcées, un calendrier..." - Här Asselborn, lauschtert gutt, an ech wier frou wann Dir dat dann och kéint ënnerschreiwen - „…clair et les préparatifs militaires." Dat steet am franséischen Text.

Ech wëll lech dat nëmme soen, well et waren der jo e puer hei, déi gemengt hunn um 10 op 9 wier et esou gewiescht an um 9 Auer 25 wier et aneschters gewiescht. Dat eent ass net onbedéngt kontradiktoresch zu deem aneren, well déi zwee - an esou wäerte si et wahrscheinlech maachen - sëtze sech jo elo zesummen a versiche sech an der Mëtt vun deenen zwou Haltungen, wou déi eng ganz kloer öffentlech méi op d'Pressioun ausgeet an déi aner ganz kloer méi op d'Zäit ausgeet, ze treffen. Dat ass eben dee Schimmer Hoffnung, deen et nach gëtt. Ob en sech da wierklech realiséiert, dat kann ech lech à ce stade net soen, mä dat ass awer dee Schimmer, deen et nach gëtt an op dee mer an dësem Moment musse setzen.

D'Fransouse schwätzen also och ganz kloer an hire Propositioune vun de Préparatifs militaires. Dat fir lech ze berouegen, dass dat eent net onbedéngt kontradiktoresch zu deem aneren ass, an dat hunn ech e Méindeg och gesot. Wann an dësem Moment iwwert déi zweet Resolutioun géif ofgestëmmt ginn, da kéinte mir déi natierlech net ënnerstëtzen, well se net dem Geescht vun dem Conseil européen entsprécht, awer an de franséische Propositioune stinn eben och nach eng ganz Rei Froen op. D'Resultat vun den Inspektioune soll awer nach ëmmer den Désarmement vum Irak sinn. An do komme mir nees bei dat, wat esou oft vergiess gëtt: De wichtegste Punkt an deem Ganzen ass effektiv den Désarmement vum Irak ze erreechen. An dann ee Wuert...

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- A wat maacht Der mat onser Motioun?

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Déi huele mir un.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Okay.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Majo, déi huele mir un, well déi am droit file...

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Dir hutt bäigeléiert.

***(Brouhaha général)***

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Neen, mir hunn net bäigeléiert.

***(Brouhaha général)***

Enfin, wann dat lech Freed mécht. Här Asselborn, ech hunn e Méindeg genau dat nämlecht gesot. Ech hunn dat awer och virdru gesot, mä Dir wëllt eben net nolauschteren oder Dir hutt do e Problem.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- D'Motioun ass vun eis, Madame Polfer.

***(Interruptions diverses)***

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Dat hei ass genau dat wat eis Positioun ass. Ech géif se awer unhuele mat engem Zousaz, an dat wier...

Une voix.- Mir hunn lech endlech elo do, wou...

***(Brouhaha général)***

Dir hutt laang gebraucht. Dat do freet eis.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Mir sinn nach net fäerdeg.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Neen, dat sot Der gutt.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Ech menge mir mussen eis jo bewosst sinn, dass mir weder de Krich décidéieren, nach gewannen, nach verléieren.

Une voix.- Jo.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Mir musse verhënneren, esou wäit et an eise Kräfte steet, dass et zu engem Alleingang vun deem engen oder deem anere kënnt, well dat wier a mengen Aen e schwéiere Feeler. Mir mussen alles maache wat an eise Moyene steet fir dat do ze verhënneren, mä mir sollen eis awer kengen Illusiounen higinn, dass mir, a wa mer dat à l'unanimité hei stëmmen, capabel wieren dat effektiv ze verhënneren. Mir kënnen nëmmen awierken.

Mir kënnen awierke fir eng Positioun, déi op d'Unitéit am Kader vum Conseil de sécurité an am Kader vun der Europäescher Unioun hinziilt. Dofir hu mir eis als Europäer zu der Responsabilitéit vun dem Conseil de sécurité bekannt. Ech géif dann awer och proposéieren dat hei mat dran ze huelen, an zwar hannert „à soutenir dès lors, sans délai, le mémorandum d'initiative française, et par conséquent, à s'opposer au projet de la deuxième résolution sur l'Irak tant que toutes les voies politiques et diplomatiques ne sont pas explorées en vue d'assurer un règlement pacifique du conflit".

Et ass dat wat mer zënter Oktober ganz kloer soen, mä mir sollten nach dobäi schreiwen: „et de soutenir sans réserve le conseil de sécurité dans l'exercice de ses responsabilités", well mir alleguerten hunn dohinner d'Responsabilitéite geluecht. Da musse mir och do d'Responsabilitéite loossen.

Bon, ech mengen dat waren déi puer Kloerstellungen. Wéi den Här Weiler zurecht géif soen: Et ass näischt Neies. Effektiv, mä et war alt nach eng Kéier preziséiert wéi d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung ass. A fir dem Här Bausch ze soe wéi offen a wéi tolerant mer sinn a wéi giereg mer si fir eis esou wäit wéi méiglech ze informéieren, wëll ech soen dass, och wann den Här Scott Ritter op anere Plaze vläicht net wëllkomm ass, esou war den Här Scott Ritter awer virun e puer Méint an der Lëtzebuerger Ambassade zu Bréissel fir do all seng Iwwerleeungen a seng Kenntnisser matzedeelen.

Dat nëmme fir lech ze soen, dass mer eis net eesäiteg informéieren an dass mer wierklech versiche mat deene Moyenen, déi mer zur Verfügung hunn, e Krich ze verhënneren an eng friddlech Léisung iw-

wert den diplomatesche Wee erbäi ze wënschen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Premier- a Statsminister, den Här Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et ass an dëser Debatt villes gesot gi mat deem ee selbstverständlech averstane muss sinn.

Notamment war ech net nëmmen angenehm iwwerrascht, mä och beandrockt, dass den Här Bausch sech d'Méi ginn huet - well dat ass no e puer Wochen den Haaptpunkt vun engem méigleche Konflikt, vun deem mer hoffen dass et en net gëtt - fir déi ganz regional Komplexitéit ze weisen, déi entsteet wann net opgepasst gëtt wat ee mécht. Dat wat hien un Elementer hei zesummegedroen huet si selbstverständlech Stécker, déi och d'Regierung bei hire Positiounsbeschreiwungen ëmmer begleeden an déi se am Kapp huet. An déi Stécker, déi een dann am Kapp huet, sinn der ouni Ausnahm nëmmen, déi engem kënnen Angscht maachen, insofern war dat, wéi ech fonnt hunn, eng gutt Ergänzung eigentlech fir d'Problemstellung an der ganzer Mass, déi se ausmécht, ze illustréieren.

Mä et sinn och aner Saache gesot ginn, op déi een net alleguer kann agoen. Ech wëll just am perséinlechen Numm zwou Saache kloer stellen, well jo hei aus menge Pressekonferenzen zitéiert gëtt. Ech hunn ee Feeler. Een, deen ech haut mol zouginn.

***(Hilarité)***

Dir kennt alleguer déi aner. Dir vergläicht se zu Ärem Désavantage mat Ären.

***(Interruptions diverses)***

Mäi Feeler ass, dass ech jo awer heiansdo rose gi wann ech d'Zeitunge liesen. Net nëmme wann ech d'Lëtzebuerger Wort liesen. Do ginn ech och rosen. D'Tageblatt ass mer éischter gënschteg gesënnt.

***(Hilarité)***

Mä ech hat deen Dag de Jeudi gelies an do hat ech folgende Problem entdeckt. Do hunn ech gelies, datt opgrond vun där logescher Weiderentwécklung vun eiser Positioun, annoncéiert a consomméiert, Lëtzebuerg sech drëm beméit huet fir den NATO-Konsensus méiglech ze maachen, eng Woch ier eis belsch, franséisch an däitsch Kolleegen dat och gemaach hunn, an hunn ech weider gelies, dass déi Décisioun vun der Lëtzebuerger Regierung, fir d'Planungsaarbechte fir d'Türkei ufänken ze kënnen, eng Décisioun fir de Krich wier. Do hunn ech da gelies: „Par ce oui-là", deen herno och d'Belsch, d'Fransousen an déi Däitsch ausgeschwat hunn, „notre gouvernement a ajouté son nom sous la lettre des huits."

Ech wëll do mol au passage just soen, wann ech gesot hunn, ech hätt mat dem Contenu vun deem Bréif vun deenen Aacht keng Schwieregkeeten, datt ech do en fait nëmmen den Här Chirac, den Här Schröder an den Här Fischer zitéiert hunn. Dofir soll ee mir dat net ëmdréinen, wann aner Leit dat soen, vun deenen ee soss seet, si hätten ëmmer Recht an dëser Fro. Ech hunn d'Opportunitéit an d'Topegkeet vun deem Bréif méi schaarf kritiséiert wéi anerer.

„Par ce oui-là, notre gouvernement se retrouve dans le camp de la guerre. Il signe un chèque en blanc au va-t-en-guerre. Désormais, vu de l'extérieur, le Grand-Duché n'est plus une simple machine à laver de l'argent, désormais il est dans le camp de la guerre." Dat fannen ech ee staarkt Stéck. Dat ass kee vun Iech, well ech hunn net Iech mat enger Revanche gedroht an ech hunn och net vun Ärem «hinterfotzege Behuele» geschwat, wéi d'Relecture vum Verbatim vun der Pressekonferenz däitlech weist. A wann Der dat net gleeft, liesen ech et vir, da kritt Der de volle Genoss.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Mir waren net derbei.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Mä Dir schwätzt awer driwwer, wéi wann Der derbei gewiescht wäert.

***(Interruption)***

Jo, voilà! Ech wëll Iech soen, a schwierege Froen, international an heiansdo och an innepolitesche Verästelungen, ass et gutt, wann ee sech net nëmmen op d'Televisioun verléisst.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Luet eis op de Briefing an. Kee Problem!

***(Protestations)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech hat mol eng Kéier an enger fréierer Regierung e Vize-President vun der Regierung, dee wollt ëmmer matgoen. Dat hat ech net zougelooss. Ech gesinn net an, firwat dass ech elo soll d'Oppositioun mat op Briefingen huelen.

Mä ech wollt Iech just soen, dass ech net vun enger bluddeger Revanche geschwat hunn, wéi hei behaapt ginn ass.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Enger schrecklecher.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Och emol net. Ech hu gesot: Mä d'Revanche gëtt schrecklech.

An dat, gesitt Der, ass een Ausspruch, deen net besonnesch intelligent ass. Dat kënnt Iech net vir, mir kommen esou Saache vir. Et ass eng mangelnd Erfahrung am Ëmgang mat der Press a mat der Öffentlechkeet, dofir schläicht dat sech ëmmer eran, mä dat hunn ech awer och wéi ech President vun enger Regierung war an där d'sozialistesch Partei war op wéinegstens dräi Pressekonferenze gesot, an d'Revanche ass jo guer net schrecklech ginn, well d'DP ass haut an der Regierung.

A wou sidd Dir?

***(Hilarité)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- D'Revanche war schrecklech fir Iech, Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech wëll Iech soen, dass ech mech iwwert deen Artikel do opgereegt hunn. Dat soll een eigentlech net maachen, mä fir ze soe Lëtzebuerg steet am Camp vum Krich, wann een engem Regierungschef dat esou schreift, dee sech net do gesäit, deen och do net steet, wou eigentlech och soss keen en do gesäit, dass een da seet, Lëtzebuerg wier definitiv als am Lager vun de Krichsunhänger ukomm ze gesinn, a wann een dat schreift - schreift, net seet -, dat ass vu grousser intellektueller Onéierlechkeet a vun enger moralescher Hinterfotzegkeet, déi kaum ze beschreiwen ass.

Dat war also keng Ausenanersetzung - dat wëll ech just soen, fir dass dat net tëscht eis hei stoe bleift - mat de Kolleege vun der LSAP. Dat war eng Ausenanersetzung mat engem Zeitungsartikel. Dat soll een am Prinzip net maachen, mä ech zéien awer net ee Millimeter vun deem zréck, wat ech zu deem Artikel do gesot hunn. Lëtzebuerg ass weder eng Anlag an där Geld wäiss gewäsch gëtt, nach ass Lëtzebuerg e Krichslager, wéi et an där Zeitung steet. Dat kann ech liesen, kann ech vergiessen; mä wann ech an enger Pressekonferenz Froe gestallt kréien iwwert d'Aart a Weis wéi d'Lëtzebuerger Publizistik a bestëmmten Deeler mat där Irakfro ëmgeet, dann däerf ech awer mäin lerger awer zum Ausdrock bréngen iwwer esou eng, wéi ech fannen, masslos Ënnerstellung, Vereinfachung a Verdäiwelung vun enger Oppositioun, déi mer net hunn an déi ech net hunn.

Ech hat do wierklech net d'Lëtzebuerger Sozialistesch Aarbechterpartei gemengt, déi ech d'ailleurs respektéieren, och wann de President vun der LSAP mengt, d'CSV géif hir eegen Éier net respektéieren. D'LSAP ass eng traditionsräich Partei mat ville Mériter, an ech falen net esou iwwert d'LSAP hier wéi de President vun der LSAP pausenlos eigentlech iwwer meng Partei hier fält. Mä fir déi hunn ech hei net ze schwätzen, ech schwätzen hei fir d'Regierung.

Ech wëll just nach dobäi soen, Här Asselborn, sot ni méi, wann ech iwwert d'LSAP géif schwätzen, da géing ech dat mat Haass maachen. Ech sinn zu Haass net fäeg. Sot net, ech géif iergendeen haassen. Ech haasse keen heibannen.

Des voix.- Très bien.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Guer net.

Wat d'Positioun vun der Regierung ubelaangt, a wou jo d'Behaaptung opgestallt gëtt, déi Positioune wieren net kloer, huet d'Madame Polfer iwwer Méint an och haut nach pedagogesch a roueg duergestallt, wéi déi Positioun ass. Dass déi Positioun net an der Rhetorik ëmmer esou ass wéi Membere vun der Oppositioun oder wéi Beobachter vun der CARITAS, vum OGB-L a vum Lëtzebuerger Wort dat gären hätten, dat ëmfannen ech net als Reproche. D'Regierung dréckt sech op eng bestëmmten Aart a Weis aus an déi muss vun enger, wa se aussepolitesch schwätzt fir dass keng falsch Hoffnungen opkommen, gewëssener Retenue an der Rhetorik gedroe sinn. Mä déi Positioune vun der Regierung hat ech - well Der d'Televisioun jo ëmmer kuckt, mä do kann een net schneide wann esou ee laangen Interview kënnt - däitlechst an deem désormais traditionelle Silvesterinterview op der Lëtzebuerger Televisioun duergeluecht, mä ech weess datt Silvester net jiddereee kann nolauschteren, do hunn ech gesot, ech si mat der amerikanescher Irakpolitik a ville Punkten net, wierklech net d'accord - dat war eng Ausso, an da kënnt ee Wuert iwwert d'Method -, mä et mécht kee Sënn dass ech dat op allen Diecher vun den europäeschen an aneren Haaptstied erëmruffe ginn, dat kann ee jo och am Direktgespréich erleedegen. A genau dat hu mer am Direktgespréich gemaach, do wou mer Geleeënheet haten.

Et ass zu Washington an op anere Plaze keen am Onkloeren driwwer, wat d'Positioun vun der Regierung ass, wann ee géif zu engem unilaterale Schlag usetzen. Ech hu souguer gesot, ech géif hoffen, dass zu Washington Verstand a Gefill sech géifen duerchsetzen. An ech hu gesot, wann et géif zum Krich kommen, da gëllt fir dëst Land, dass mer eis selbstverständlech net un deem Krich bedeelegen. An iwweregens freet och keen eis, hunn ech gesot, esou wéi och keen Däitschland gefrot huet, fir Zaldoten an dee Krich ze schécken. Mir hunn awer eng Bündnissolidaritéit ze erfëllen, esou wéi Däitschland, esou wéi Frankräich an esou wéi d'Belsch. Dat hunn ech Silvester gesot, ier ech gesot hunn, d'Lëtzebuerger Stëmm géif bei déi Stëmmen derbäi kommen, déi eng Verhandlungsléisung a keng Krichsléisung wëllen.

An da gëtt gesot, an der internationaler Press - meeschtens gëtt jo bemängelt, dass een ze vill do ënnerwee ass -, wär déi lëtzebuergesch Positioun net kloer zum Ausdrock komm. An dann zitéiert den Här Asselborn hei de Monde an d'Libération. Dat ass ee géféierlecht Spill, well ech kann Iech aus dem Monde an aus der Libération Zitater iwwer Lëtzebuerg weisen, déi weisen dass déi zwou Redaktioune sech net ëmmer ganz intensiv ëm d'lëtzebuergesch Realitéit bekëmmeren. Dat ass éischter esou, wann et ëm d'Finanzplaz geet, an der Tounlag vum Jeudi bis elo gewiescht. Mä et gëtt eng Hellewull, eng onendlech Wull vun Zitater déi ee ka virdroen aus aneren internationale Presseorganer an aus den internationale Presseagencen. Déi sinn am Regelfall besser informéiert.

Ech wëll Iech just soe wéi d'DPA, dat war den 23. Januar 2003, dat gemaach huet. Vergläichen Irland mat Lëtzebuerg, déi kleng Länner, vun den Iren a vun de Finnen, a vun de Griichen an de Schwede gëtt jo hei net geschwat, grad wéi wann et déi Länner op Ärer Weltkaart net géif ginn. Op menger gëtt et se schonn, well mir schwätze mat deene Leit. Et gëtt net nëmmen Däitschland a Frankräich an der Europäescher Unioun. An ech hu Gott weess vill Sympathien a vill Frëndschaft fir déi zwee, mä wann ech an deene leschten dräi Joer ëmmer gemaach hätt wat déi zwee gär vu mer gehat hätten, wa gemengt gëtt dat wär eng diplomatesch Traditioun, dass Lëtzebuerg ëmmer bei Däitschland a bei Frankräich a bei der Belsch wär, an engem aneren Dossier hätte mer dann eng ganz aner Resultatsfindung gehat wéi déi, déi mer haten. Mä ech wëll déi zwou Saachen net matenee vermëschen.

***(Interruptions diverses)***

Voilà, an et ass och den Intérêt vu Lëtzebuerg, deen d'Regierung ganz staark an den Aen hat, wa mer eis hei positionéiert hunn. Gitt emol dovun aus, an et huet näischt mat amerikaneschem Drock ze dinn. Ech hunn och an där Zeitung „Jeudi" gelies, ech wär eng Kéier an d'amerikanesch Ambassade bestallt ginn, an do hätt ech gesot kritt wat ech ze maachen hätt. Also, et muss een Iech scho bal félicitéieren, dass Der dat net iwwerholl huet.

***(Hilarité)***

Ech wëll just soen, d'DPA zum Beispill vum 23. Januar, mä ech ginn dem Här Asselborn méi eng komplett Sammlung, wou de Focus Enn Januar mech als eng vun de groussen Dauwen an der Europäescher Unioun duerstellt, a Leit déi Iech méi no stinn, déi si vläicht blann, mä de Focus, de Monde, d'Libération, d'DPA, d'Neue Züricher Zeitung, d'Frankfurter Allgemeine a weider Pressen, d'New York Times, d'London Times an d'Financial Times si bei wäitem net fäeg esou blann an esou daf ze si wéi Dir, Här Asselborn, gleeft mer dat!

D'DPA schreift jiddefalls iwwer Irland, wat eng schwiereg Situatioun huet: „Irland hat sich weder auf die eine, noch auf die andere Seite geschlagen." Ech huelen hei eng vum 23. Januar, well dat jo eng Woch virun där Debatt vum 30. Januar war. „Luxemburg dringt auf eine diplomatische Lösung. Einen Alleingang der USA und Grossbritanniens will Luxemburg nicht unterstützen, sondern nur ein Vorgehen mit UN-Mandat."

Esou ass et vum Summer vum leschte Joer un, esou war et hei am Oktober, esou war et hei den 30. Januar, esou war et hei den 11. Februar, esou ass et, esou bleift et, dat ass d'Positioun vun der Regierung, an, ech sinn iwwerzeegt dovun, et ass och Är Positioun.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Den Här Asselborn freet nach d'Wuert.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Ech géif Iech bieden, mir sinn hei an engem Parlament an net an enger Frittebud.

Här President, d'Madame Polfer huet eng Remarque gemaach zu der Motioun, déi eis gefällt. Si huet e Saz dobäi gesat a proposéiert: „et de soutenir le conseil de sécurité sans réserve dans l'exercice de ses responsabilités". Wann Der d'accord wäert, well mer dat heite jo awer net wëllen am Krich ofschléissen, an endlech och als Parlament eng gemeinsam Positioun kréien, géife mir Iech vläicht froen: „et de soutenir le conseil de sécurité dans l'exercice de ses responsabilités pour le maintien de la paix". Ech mengen, dat wier eng Positioun, déi dee Moment géif hiweisen op…

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här Asselborn, mir hunn am Fong als Traditioun, datt mer konsequent mat eis selwer sinn, an d'Konsequenz verlaangt, datt mer Texter, déi mer virun zéng Deeg mat all eisen europäesche Kolleegen ugeholl hunn, an zwar am Conseil Européen, datt mer am Fong geholl déiselwecht Texter sollen hei iwwerhuelen, well soss géing jo gesot ginn: Wéi, hutt Der elo Är Positioun geännert? Dee Moment waart Der dach d'accord. Ech liesen Iech den Text vir vum véierte Paragraph vum Conseil Européen: „Nous déclarons soutenir sans réserve le conseil dans l'exercice de ses responsabilités". Also wann den Här Schröder an den Här Fischer dat kënne matdroen, ech mengen, dann dierft Dir et och. An den Här Chirac.

M. le Président.- Den Här Bausch huet nach d'Wuert gefrot.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, wann ech d'Motioun vun der LSAP richteg interpretéieren, si ass jo relativ kuerz gehalen, dat heescht, et ass d'Suerg vun der LSAP-Fraktioun, dass mer hei unanime zu enger Haltung kommen, déi virun allem drop ofzitt elo emol dee franséischen, däitschen, belschen, russesche Memorandum, a wien net nach alles, och lëtzebuergesch Proposen ze ënnerstëtzen. Ech muss awer allerdéngs soen, mir hätte se esou wéi se hei virläit kënne matstëmmen, wann een dat „sans réserve", wéi den Här Asselborn gesot huet, eraus geholl hätt. Ech soen Iech och firwat. Et gëtt zweeërlee. Et gëtt engersäits natierlech d'Positioun, déi eng Regierung um europäeschen Niveau a verschiddene Situatiounen anhëlt, an et gëtt anersäits eng grondsätzlech Haltung, déi mir zum Beispill hunn, déi seet aus deene Grënn, déi ech virdrun opgezielt hunn, dass mer der Iwwerzeegung sinn, dass et natierlech wichteg ass dass een d'UNO als Institutioun rett. Wann een dee „sans réserve" eraushëlt, wéi den Här Asselborn et proposéiert, ass dat garantéiert hei am Text.

Doniewent ass et awer esou, dass mir eng prinzipiell Haltung hunn, déi eben heescht, dass aus deene Grënn, déi ech virdrun a menger Ried opgezielt hunn, datt egal wéi, e militäresche Konflikt an där heiter Situatioun méi Schued mécht wéi en eis wäert notzen, an immens Risikoe mat sech bréngt. Aus deem Grond kënne mir keng Motioun stëmme wou „sans réserve" dra steet, en plus, wou ech de Verdacht net lassginn, dass de Moment wierklech en onwahrscheinlechen Drock gemaach gëtt op d'UNO, d'UNO regelrecht erpresst gëtt, als Geisel geholl gëtt.

***(Interruptions diverses)***

Ech kucke jo awer och d'Télevisioun, an ech lauschteren no wat d'amerikanesch Administratioun seet. An ech muss Iech éierlech soen, do ass an der leschter Woch keen ee konziliante Saz komm, fir nach där franséischer Initiativ ier-

gendeng Chance ze ginn. Dat ass d'Realitéit, Madame Ausseminister, dat ass eis Positioun, a mir bleiwen dobäi, a wann hei dat „sans réserve" dra stoe kënnt, dann ass et ganz kloer, da kënne mir déi Motioun net stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet nach gefrot den Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Minister, Ministre d'Etat*.- Leschte Problem, d'Regierung virun allem, mä d'Chamber vläicht och, mir waren, d'Madame Polfer an ech, dee leschte Méindeg zu Bréissel a mir hunn d'Schlussfolgerunge vum Conseil Européen ugeholl. An an deene Schlussfolgerunge steet, aus der Ekonomie vun deene Schlussfolgerungen ergëtt dat sech aus enger friddlecher Perspektiv vun der Roll vun der UNO, dass mer „sans réserve" de Weltsécherheetsrot an dem Ausübe vu senge Responsabilitéite sollen ënnerstëtzen.

Wann d'Regierung proposéiert ee Saz aus de Konklusioune vum Conseil Européen an eng Motioun vun der sozialistescher Partei eran ze setzen, fir kohärent bei enger Positioun ze bleiwen, déi mer zu 15 Regierunge virun enger Woch geholl hunn, a wann da probéiert gëtt dee Saz ze änneren, dee 15 Staten, 15 Premieren a 15 Ausseministeren ugeholl hunn, da kritt dat eng Interpretatioun, déi a verschidde Richtunge lassgeet.

D'Regierung hätt gären, dass mer an der Kohärenz vun den Décisioune vun der Europäescher Unioun bleiwen. Iwwregens huet dat spuenescht Parlament eng Motioun gestëmmt mat alle Konklusioune vum dem Europäesche Rot, an d'Oppositioun huet sech bei deene Konklusiounen enthalen. A wann d'Regierung hei proposéiert ee Saz aus de Konklusioune vum Conseil Européen ze huelen, da kann d'Regierung net domat d'accord sinn dass dee Saz da geännert gëtt, well et ass ee Saz, deen d'Politik…

***(Interruptions diverses)***

Neen, et kann een en net eraus loossen, well et ass wichteg dobäi ze soen, well dat ass wat ech genannt hunn de Konsenssockel an Europa, dass de Weltsécherheetsrot all Décisioune muss huelen. A bei aller Ofleenung vun dem amerikaneschen, briteschen a spuenesche Resolutiounsentworf, muss een awer gesinn, dass deen nach ëmmer de Wee probéiert iwwert d'UNO ze goen, an dofir, mengen ech, kann d'Regierung op kee Fall domat d'accord sinn, dass ee Saz aus de Konklusioune vum Conseil Européen geännert gëtt.

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, et steet jo dran, dass de Conseil de Sécurité eng gewësse Roll do spillt. Wann een dee „sans réserve" eraushélt steet dat dran. Ech wëll lech awer soen, et gëtt déi Positioun selbstverständlech, déi am Conseil vun de Ministere vun deene 15 geholl ginn ass. Mä an allen eenzelne 15 Länner gëtt et ënnerschiddlech Positioune vun den nationale Parlamenter. Däitschland ass bis elo, dat kënnt Der noliesen, leschten Donneschden war en Artikel an der Zeitung, en Interview mam däitschen Ausseminister, dee sot, un der grondsätzlecher däitscher Positioun huet kee Jota geännert. Dat heiten ass e Kompromëss um europäeschen Niveau. Dat heescht, et muss duerchaus méiglech sinn an engem Parlament esou eppes wéi dat heiten unzehuelen, à ce stade, wou mer elo sinn, déi zwee Wierder do „sans réserve" erauszehuelen, fir dass mer unanime dat kënnen hei ofstëmmen.

An da stäipt sech natierlech d'Regierung hei nach ëmmer op eng Majoritéit.

***(Interruption)***

Neen, mä dat kann duerchaus funktionéieren. Wann Dir natierlech eng Unanimitéit wëllt, da kommt mir diskutéieren net méi laang, kommt mir stëmmen esou of, an da stëmme mir dogéint.

M. le Président.- D'Madame Ausseminister huet d'Wuert gefrot.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Also ech soen dem Här Premier merci, dass e virdru gesot huet, ech wär pedagogesch. Ech mengen, ech muss et awer nach eng Kéier soen, et war nach net duergaangen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- An der Pedagogie kënne mer lech och e puer Lektiounen ausdeelen, Madame Ausseminister.

***(Interruptions diverses)***

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Här Bausch, Dir verkennt de Rôle vum Conseil de Sécurité. Wann Däitschland seet, egal wéi si mir awer géint e Krich, dann ass dat guer net incompatibel mat ze soen: „on soutient sans réserve le conseil de sécurité dans ses responsabilités".

Well fir datt et am Conseil de Sécurité zu enger Décisioun kënnt, …

***(Interruption)***

…muss eng Majoritéit vun néng sinn, an et dierf kee vun deene fënnef, déi de Veto hunn, sech opposéieren. Et kann awer ganz gutt sinn, datt zum Beispill Däitschland, wat eben elo wierklech par hasard zu deenen zéng net Permanente gehéiert, sech, wann eppes virgeluecht gëtt, enthält, an datt awer eng Motioun à la majorité ugeholl gëtt, mä dat presupposéiert, datt kee vun deene fënnef sech opposéiert. An dann, wann eng Motioun vun dem Conseil de Sécurité ugeholl gëtt, dann ass dat nach e ganz anere Schrëtt, ob ee Land mat mécht oder net, dat steet jo dann nach op enger ganz anerer Linn, dann ass just eng Aktioun duerch de Conseil de Sécurité legitiméiert, a wa mer dozou net méi stinn, wa mer dat net sans réserve appuyéieren, datt de Conseil de Sécurité e wichtege Rôle an der Organisatioun vun de Weltnatiounen ze hunn huet, ech mengen da gi mer direkt dat allerwichtegst op, op wat mir eis awer mussen upaken, an dat fir eis extrem wichteg ass.

M. le Président.- Jo, den Här Statsminister, an dann den Här Henckes.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här President, ech entschëllege mech nach eng Kéier fir hei anzegräifen, well…

***(Interruption)***

Dach dat war, dat ass net de Punkt.

Ech wëll awer einfach zur Genèse vun deem Text eppes soen. Dir mengt jo ëmmer Lëtzebuerg géif un deenen Texter net matschaffen, dat war net grad esou op dësem Passage wéi och op aneren.

Mir hunn eng Diskussioun ëm Europa gehat, déi ass gekläert, wou Leit d'Impressioun ginn hunn, si wäre mat engem unilaterale Virgoe vun eenzelne Memberstate vun der Weltcommunautéit d'accord. An do hu mir een Text kritt, wou gesot gëtt, d'UNO, wéi ech dat elo éinescht a menger Ried genannt hunn, wär den Dréi am Angelpunkt.

An et ass nach vill Méi wou dobäi gesat ginn ass, fir wierklech kloer ze maachen, datt mer géint d'Méiglechkeet vun engem unilaterale Virgoe sinn, ob et vun engem oder vun zwee wier, datt mer sans réserve de Conseil de Sécurité am Exercice vu senger Responsabilitéit wëllen ënnerstëtzen. Dat heescht, d'Absicht vun deem Text zu Bréissel war eigentlech déiselwecht wéi déi, déi den Här Bausch an anerer hei transportéiert hunn, dat ass een däitleche Message géint een unilateraalt Virgoen, a gläichzäiteg ee Rappel, datt et eng Weltuerdnungsdistanz gëtt, an dat ass de Weltsécherheetsrot, an datt deen eleng hei soll décidéieren, d'ailleurs opgrond vun de Rapporte vun den Inspekteren, an nach net nëmmen aus eegener Ermiessenheet.

Dofir mengen ech datt dee Saz, dee 15 Regierungen ugeholl hunn, deen an x Parlamenter vun der Europäesch Unioun gestëmmt ginn ass, net a Contradictioun steet mat iergendengem senger Positioun dee sech heibanne geäussert huet, mä et ass fir d'Regierung wichteg den Uschloss ze fannen, tëschent dem Conseil Européen an dëser Debatt. An dofir géif ech d'Chamber bieden, andeem ech och soen datt dat net géint iergendeen heibannen engesdags ka verwennt ginn, fir deen Text esou unzehuelen, wéi d'Madame Ausseministesch e proposéiert.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Asselborn.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här President, ech menge mir si bereet, fir wierklech en Accord ze fannen, fir datt mer kënnen eng Unanimitéit kréien. Ech géif awer elo, no deem wat den Här Juncker gesot huet, d'Fro stellen: Wann d'Resolutioun vun den Amerikaner a vun den Englänner a vun de Spuenier géif ugeholl ginn, …

***(Interruption)***

…wa mer dann deen Text hei sans réserve huelen, si mer dann domadder d'accord? Dofir géif ech awer mengen, deen Hannergedanken hei, mat deem „sans réserve", …

***(Interruption)***

Entschëllegt, deen Hannergedanken hei mat deem „sans réserve", dat si jo awer déi Länner déi wëlle militäresch virgoen, déi deen hu misse kréien, fir datt se sech apaiséiert hunn, huelen ech emol un. Datt dat heiten…

***(Interruptions)***

…op Drock vun den Englänner, nee mä...

***(Interruptions diverses)***

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Also eng Motioun um Niveau vum Conseil de Sécurité ka jo nëmmen ugeholl ginn, wann d'Fransousen oder d'Chineesen oder d'Russen op d'mannst net hire Veto aleeën. Also.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Also, Madame Polfer, loosst mech just mäi Saz nach eng Kéier soen. Kommt mir resüméieren emol. Mir hunn eng Motioun hei virgeluecht an do hutt Dir gesot, Dir kéint se stëmmen; sou, dat wat de Prinzip ugeet. Dunn hutt Dir awer gesot, mer wëllen nach e Saz dobäi hunn. D'Fro ass jo elo, ob mer eis elo effektiv wëllen an déi Interpretatiounsschwieregkeete vum deem Saz dobäi do aloossen.

Wa mer de Saz géifen ewech loossen, mir si jo awer hei am Lëtzebuerger Parlament, an et ass héchstwahrscheinlech méi schwéier mat engem Tony Blair a mat engem Berlusconi a mat engem Aznar ze verhandele wéi hei mat eis, fir elo op där Schinn, no där Diskussioun hei, e Wee ze fanne wou mer alleguerten eens wieren. An dofir géif ech dann nach eng Kéier d'Propos maache fir den Text esou unzehuele wéi mer e proposéiert hunn, oder den Text unzehuelen „de soutenir le conseil de sécurité dans l'exercice de ses responsabilités", an ech hu jo hannendru gesot, dat „sans réserve" ewech, an dann „pour le maintien de la paix".

Da soe mer jo awer wat mer dann domadder wëllen, an am éischten Tiret steet jo dran, datt d'"Nations unies constituent le seul cadre légitime pour en traiter". Ech mengen dat wär jo awer dann eng Méiglechkeet fir lech, a vläicht och deenen déi heivunner Auteur sinn, gerecht ze ginn.

M. le Président.- Här Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Ech menge mir sinn eis eens, mä mir ginn eis net gutt eens. Et muss een einfach wëssen - ech entschëllege mech datt ech esou Rappelen hei maachen -, de Conseil de Sécurité ass laut Charta zoustänneg fir Resolutiounen ze huelen a fir Resolutiounen ze exekutéieren. Déi Resolutiounen déi en hëlt, domat setzt en internationaalt Recht.

Et ass dee Wee op deem d'Europäesch Unioun mat grousse Problemer vum August, Conseil informel vun den Ausseminister an Dänemark, un d'lescht d'Joer probéiert huet d'Amerikaner ze kréien. An et ass einfach wichteg, fir mol een Ausdrock ze gebrauchen deen een iwwerhaapt net dierft gebrauchen, well en ëmmer fir een anere gebraucht gëtt, fir Pressioun op déi ze maachen, déi e Wee laanscht d'UNO sichen, fir däitlech ze maachen, datt de Conseil de Sécurité, an deen eleng a sans réserve, ouni datt een dat kann nuancéiere wat e seet, zoustänneg ass fir den Endrecessment a fir d'Enddécisioun.

Dat ass ee Schrëtt, deen noutwendeg ass fir datt een zu eng friddlecher Léisung ka kommen, datt ee sech an d'Hänn vum Conseil de Sécurité gëtt, vun deem d'Madame Polfer sech d'Méi ginn huet ze erklären, wéi e politesch a positiounsméisseg zesummegesat ass. Opgrond vun de Positiounen, déi Regierungen hunn, hëlt jo de Conseil de Sécurité déi amerikanesch, britesch, spuenesch Resolutioun net un. Mä e kann awer och net dee franséischen Initiativantrag einfach an der Loft hänke loossen, dee franséischen Initiativantrag an eng Motioun ze setzen ouni ze weisen op wat fir eng Schinn datt e soll kommen ass net richteg. Dofir géif ech wierklech bieden, a mir streiden och herno net méi doriwwer, datt een dach hei d'Autoritéit vun der UNO, déi mer dringend brauchen, fir eng friddlech Konfliktléisung erbäizekréien, net duerch eng falsch Debatt, déi een hei féiert, amgaangen ass ze hëllefen ze ënnerminéieren. Et sinn der genuch déi wëlle laanscht d'UNO kommen, mir sollen eis fir de Weltsécherheetsrot ausspriechen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert nach.

M. Jacques-Yves Henckes **(ADR)**.- Här President, ech menge wann een déi Motioun vun de Sozialiste kuckt, an och deen Amendement deen d'Regierung virgeschloen huet, da kéinte mir mat deem Amendement och zesummen d'accord sinn. Woufir? Ma well dat am Aklang steet mat där éischter Motioun, déi mer vun de sozialistesche Kolleege kritt haten, an och mat där Motioun déi mir bei der leschter Debatt presentéiert haten.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Mir hunn an deenen zwou Motiounen - souwuel d'sozialistesch Kolleege wéi mir - gesot, datt mir d'Décisioun beim Conseil de Sécurité vun den Nations Unies géinge loossen. Ech verstinn och datt déi gréng Kolleegen e Problem mat der Motioun hunn, well wann ech hiren Text gesinn, do steet ganz kloer dran, „à s'engager (…) contre tout recours à la contrainte armée, avec ou sans l'aval des Nations Unies (…)".

Dës Motioun hätte mir zum Beispill net kënne mat droen, well hei steet, wann en Aval vun den Nations Unies do ass, da si mer bereet fir eng Krisinterventioun mat virzegesinn. Mä do si mer elo nach net. An dofir mengen ech, datt mer mat deem Text, sou wéi en hei virsteet, kéinten d'accord sinn. Quitte datt ech och bedaueren, datt hei „sans réserve" steet, mä dat ass awer den Text vun der Europäescher Unioun, an ech menge mir mussen hoffen, datt déi Länner wéi Frankräich, Däitschland, déi sech bis elo opposéiert hunn, hir Responsabilitéiten am Conseil de Sécurité wäerten duerchzéien.

M. le Président.- Als leschte Riedner hu mer den Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Jo, Här President, zum Fong ass elo alles gesot, et misst ee sech elo virstelle wéi ee géing virgoen, a mir proposéieren also Folgendes. Et ass déi Motioun vun de Sozialisten déi mer jo, an d'Regierung, unhëlt, mat deem Zousaz deen d'Madame Ausseminister gesot huet. Mir proposéieren de Sozialisten hir Motioun mat deem Zousaz ze amendéieren a se esou zum Vote ze stellen. Ech sinn awer och d'accord, datt d'Sozialisten, wa si net domadder d'accord sinn, hir Motioun ofstëmme loossen, sou wéi si se redigéiert hunn. Dat heescht, dee Moment hätte mer zwou Motiounen, eng amendéiert Motioun, mat deem Zousaz vun der Regierung, an eng Motioun, déi d'Sozialisten erabruecht hunn.

***(Interruption)***

Et ass eng nei Prozedur, mä wann Dir net d'accord sidd, da stëmme mer iwwer Är of, an déi kënne mer net stëmmen. Sou einfach ass et.

M. le Président.- Also mir stëmmen dann of. Den Här Urbany freet nach d'Wuert.

***(Interruptions diverses)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Et ass eng Propositioun gewiescht.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Ech hu just eng Verständnisfro: Dee franséisch-däitschen Antrag, läit deen dann dem Parlament a senger urspréngleche Form vir, sou wéi en an der UNO virgeluecht ginn ass? Ech war nach gëschter um Site vun der UNO, ech hunn deen Antrag net fonnt. Ech menge mir sollten eis awer net opgrond vu Pressebericht hei definitiv festleeën. Mir hu gesi wéi déi lescht UNO-Resolutioun kann op verschidde Manéieren interpretéiert ginn, a wéi och eenzel Leit se tatsächlech op verschidde Manéieren interpretéieren. Et ass sech hei an där Fro zum Beispill op de Standpunkt vu Syrien beruff ginn, wou gesot ginn ass: Jo, och Syrien ass unanime der Meenung, et soll als lescht Konsequenz e Krich méiglech sinn. Mir hunn elo keng Zäit méi, mä ech kéint lech hei aus der Ried vum syreschen Ausseminister zitéieren, dee sech zum Beispill ganz däitlech géint de Krich ausgeschwat huet.

Ech mengen och um Niveau vun der UNO ginn et nach ganz ënnerschiddlech Positiounen, an ech weess net ob mer eis elo sollen op déi dote Motioun festleeën, déi wierklech all Dieren opléisst. Ech zéien do wierklech déi Motioun vir, déi vun deene grénge Kolleegen erabruecht ginn ass, wou sech kloer an däitlech géint all Krich ausgeschwat gëtt. Ech wäert nëmmen déi stëmmen. D'Unanimitéit kritt Dir also souwisou net.

M. le Président.- Den Här Asselborn kritt nach d'Wuert, an dann d'Madame Minister, an duerno stëmme mer awer of.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Mir probéiere jo elo hei zu engem Konsens ze kommen. Et ass mir elo grad agefall: Wann een an de Considérante bei „La Chambre des Députés“ géif dobäi schreiwen, dass een den Accord vu Bréissel géif notéieren, well wa mer do den Accord vu Bréissel notéieren, da bräichte mer jo hannen net „sans réserve“ ze mentionnéieren an da stéing et dran.

***(Interruption)***

An de Considéranten den Accord vu Bréissel. Da kéint ee jo eis Motioun unhuelen esou wéi se war.

Une voix.- Jo.

Une autre voix.- Soss gëtt et e Vote.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Geet dat dann net, wann een den Accord vu Bréissel...?

M. le Président.- Madame Ausseminister, Dir hutt d'Wuert.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Dat hänkt dovun of wat Dir zum Accord vu Bréissel sot, ob Dir en appuyéiert oder ob Dir einfach Kenntnis dovunner huelt.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Considérant den Accord vu Bréissel.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Jo neen, „considérant“, dat ass...

Plusieurs voix.- Oh neen!

***(Brouhaha général)***

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- „Considérant“ geet net duer. Kann ech vläicht nach ee Wuert soen? Ouni deen Amendement, deen d'Regierung virbruecht huet, mécht dat virdrun iwwerhaapt kee Sënn, well mir weder als Regierung nach als Parlament kréie jo jee d'Chance doriwwer ofzestëmmen. Déi Ofstëmmung an déi Négociatioun vun deem Text mécht sech tëschent deene 15 am Conseil de Sécurité.

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Fir eis mécht et Sënn, am Kader vun der Europäescher Unioun, eis Partner wëllen dohin ze bréngen, mateneen ze schwätzen.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Ma ja.

***(Brouhaha général)***

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Bon, mä um Niveau vum Conseil de Sécurité kréie mir jo guer net d'Chance jo oder neen ze soen. Iwwerhaapt net.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här President, däerf ech der Madame Polfer an dem Här Juncker awer eppes nach soen? Nach ee leschte Versuch.

M. le Président.- Den Här Asselborn huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Wa mer net géife schreiwe „considérant“, mä wa mer géife schreiwen „appuyant l'accord vu Bréissel“, an da brauche mer dann hannen dat doten net ze mentionnéieren.

***(Brouhaha général)***

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Jo.

M. le Président.- Den Här Weiler freet nach d'Wuert.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Mam Accord vu Bréissel waart Der dach d'accord!

M. le Président.- Den Här Weiler huet elo d'Wuert. Déi aner solle lauschteren.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Den Här Asselborn huet eng Propositioun hei gemaach. Déi schéngt mer akzeptabel ze sinn. Wa mer ënnert de „Considéranten“ e leschten - oder et muss ee gesi wou een et dra setzt -, mä et muss een awer prezis soe wat ee seet: „approuvant la résolution du Conseil dans son intégralité“, oder iergendeppes, oder awer et référéiert ee sech op dee Passus, deen d'Madame Ausseminister proposéiert hat. Mer musse jo awer elo wësse wat mer stëmmen. Mir musse jo en Text hunn.

M. le Président.- Den Här Statsminister huet d'Wuert nach gefrot.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, mir sinn no drun. Mir proposéieren einfach, den Här Asselborn an ech - et geschéien nach Wonner - virum „soulignant“ - Här Asselborn, Dir musst nolauschteren, soss wësse mer net wat mer zesumme proposéieren! -, do steet „soulignant que tout doit être fait pour éviter le recours à la force armée“, dass een do virdru schreift „appuyant les conclusions du Conseil européen du 17 février 2003“.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- An dann eis Motioun esou wéi se ass?

Plusieurs voix.- Jo.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Ouni en Zousaz dobäi?

Une voix.- Genau.

***(Brouhaha général)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Dann entfält d'Noutwennegkeet...

***(Interruption)***

...fir de Saz dobäi ze setzen, dass mer sans réserve de Conseil de Sécurité soutenéieren, well dat ass een Deel vun de Konklusioune vum Conseil.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Här President, ech ginn dovun aus, dass all Mënsch elo weess wat hie stëmmt.

***Motion 1 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*- réaffirmant que le désarmement complet de l'Irak est l'objectif commun de la communauté internationale et que les Nations unies constituent le seul cadre légitime pour en traiter;*

*- appelant les autorités irakiennes à apporter une coopération immédiate, active et sans réserve aux équipes d'inspecteurs des Nations unies;*

*- consciente de la nécessité de continuer à exercer une pression soutenue pour amener les autorités irakiennes à se conformer à ses obligations;*

*- considérant que le Conseil de Sécurité de l'ONU vient d'être saisi d'un projet de deuxième résolution déposé par les Etats-Unis et coparrainé par la Grande-Bretagne et l'Espagne, dans lequel le Conseil « décide » que l'Irak a dorénavant manqué de saisir la dernière chance qui lui était offerte dans la résolution 1441 et, partant, autorise l'action militaire;*

*- considérant en contrepartie, le mémorandum informel proposé par la France et soutenu par l'Allemagne, suggérant des mesures de nature à accroître l'efficacité et la rapidité des inspections;*

*- appuyant les conclusions du Conseil européen du 17 février 2003;*

*- soulignant que tout doit être fait pour éviter le recours à la force armée;*

*invite le Gouvernement*

*- à plaider en faveur de la poursuite des inspections et au renforcement substantiel de leurs moyens humains et techniques, dans le cadre de la résolution 1441 du Conseil de Sécurité des Nations unies, dont toutes les possibilités n'ont pas encore été exploitées;*

*- à soutenir dès lors, sans délai, le mémorandum d'initiative française, et par conséquent, à s'opposer au projet de deuxième résolution sur l'Irak tant que toutes les voies politiques et diplomatiques ne sont pas explorées en vue d'assurer un règlement pacifique du conflit.*

*(s.) Jean Asselborn, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux.*

M. le Président.- Et ass elo kloer an däitlech, ëm wat dass et geet. De Statsminister huet elo eng Propositioun nach gemaach. Mir stëmmen elo of iwwert déi sozialistesch Motioun, mat dem Zousaz wéi den Här Asselborn en elo virgeschloen huet an zu deem den Här Statsminister Stellung geholl huet.

***Vote***

Wien dofir ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, dass mat grousser Majoritéit déi Motioun esou ugeholl ginn ass wéi se amendéiert ginn ass vum Här Statsminister, mat Averständnis vum Här Asselborn.

***Motion 2***

Da komme mer zur Motioun 2 vun deene Gréngen, déi virläit. Do ass e Vote électronique verlaangt. Mir stëmmen also of iwwert d'Motioun vun deene Gréngen, déi den Här Bausch abruecht huet.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si stëmme mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass ofgeleent mat 38 Nee- a 17 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*M. Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling (par M. Marco Schroell), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp.*

Mir wären domadder um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge sinn den 11., den 12. an den 13. Mäerz. Den Ordre du jour gëtt lech schréftlech zoukomme gelooss.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 13.06 heures)***

## Sommaire des séances publiques


Dépôt d'un projet de loi page 374

Débat d'orientation relatif à la Convention sur l'avenir de l'Europe pages 374-386

Ordre du jour page 386

Hommage à la mémoire de Monsieur le Député Willy Bourg, Vice-Président de la Chambre des Députés page 387

Ordre du jour page 387

Communications pages 387-388

Heure de questions au Gouvernement

- Question 268 de Mme Agny Durdu au sujet des projets de construction de nouveaux lycées page 388

- Question 278 de M. Mars Di Bartolomeo concernant l'accord "maintien de l'ordre" du service de la police luxembourgeoise avec le Gouvernement belge et les conséquences qui en résultent pour les personnes concernées page 388

- Question 273 de M. Jos Scheuer au sujet d'une restructuration éventuelle de l'Inspection du Travail et des Mines pages 388-389

traitée conjointement avec la

- Question parlementaire 2050 de M. Jacques-Yves Henckes relative à l'audit de l'Inspection du travail et des mines réalisé par le BIT pages 388-389

- Question 274 de M. Jean Huss relative aux problèmes soulevés au sujet d'une station relais pour téléphones portables à Dudelange page 389

- Question 276 de Mme Renée Wagener au sujet de l'implantation à Luxembourg-Gare d'un foyer d'accueil pour les toxicomanes et d'un local d'injection pages 389-390

- Question 279 de M. Mars Di Bartolomeo relative à l'accord conclu entre le gouvernement et l'Association des médecins et médecins-dentistes du Grand-Duché de Luxembourg page 390

Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG concernant la situation des services d'accueil et de soins d'urgence dans les hôpitaux luxembourgeois pages 390-393

4968 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Vienne sur le droit des traités, signée à Vienne, le 23 mai 1969 et de son Annexe page 393

5063 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet d'extension du Lycée Technique des Arts et Métiers à Luxembourg-Limpertsberg pages 393-396

5017 - Projet de loi relatif à la location avec option d'achat de deux immeubles administratifs destinés aux institutions européennes pages 396-398

5087 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2001 pages 398-400

Débat de consultation sur l'évolution de la crise internationale concernant l'Irak pages 400-414



## Chambre des Députés

Compte rendu officiel

***Supplément commun aux quotidiens:***
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

***Contenu rédactionnel:***
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

***Conception, saisie de texte et mise en page:***
Polygraphic SA, Luxembourg

***Concept et coordination générale:***
media brain, agence en communication, Luxembourg



**Chamber TV**

*weist all öffentlech Sëtzung*
**live** *an* **integral**
*mat enger Rediffusioun*
*all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*

# QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

**COMPTE RENDU N° 10 / 2002-2003**

## Sommaire des questions parlementaires


| Question N° | Auteur | Objet |
|---|---|---|
| 1935 | Mars Di Bartolomeo | Soutien des bibliothèques publiques, communales et régionales |
| 1936 | Mars Di Bartolomeo | Modernisation de la procédure de la gestion contrôlée |
| 1937 | Mars Di Bartolomeo | Personnes bénéficiaires du forfait d'éducation |
| 1938 | Mars Di Bartolomeo | Remboursement des médicaments homéopathiques |
| 1939 | Gast Gibéryen | Montant total de la masse salariale de l'Etat |
| 1940 | Xavier Bettel | Information du citoyen concernant les permissions de voirie |
| 1941 | Xavier Bettel | Autorité parentale |
| 1942 | Xavier Bettel | Transposition de directives en droit luxembourgeois |
| 1943 | Ady Jung | Commissariat de proximité |
| 1944 | Jacques-Yves Henckes | Droits d'auteur et les droits voisins dans la société de l'information |
| 1945 | Mars Di Bartolomeo | Expérience faite avec l'introduction des "baby years" |
| 1946 | Mars Di Bartolomeo | Evolution des effectifs dans la sidérurgie luxembourgeoise |
| 1948 | Jean-Marie Halsdorf | Procédure d'adjudication relative à la transformation de 50 wagons "Shimms" |
| 1949 | Claude Wiseler | Organisation des cours de langue luxembourgeoise |
| 1950 | Mars Di Bartolomeo | Vaccination contre la méningite |
| 1951 | Mars Di Bartolomeo | Médecine scolaire |
| 1952 | Mars Di Bartolomeo | Bilan de la réorganisation du système de garde de nuit des médecins généralistes |
| 1953 | Mars Di Bartolomeo | Retard dans le paiement du solde aux volontaires de la formation policière |
| 1954 | Mars Di Bartolomeo | Projets de valorisation des friches industrielles |
| 1955 | Aly Jaerling | Aide financière de l'Etat pour études supérieures |
| 1956 | Mars Di Bartolomeo | Plans de développement dans le domaine du logement |
| 1958 | Jean Colombera | Logement des médecins généralistes lors du service de garde à la Clinique Saint Louis |
| 1959 | Robert Mehlen | Centre militaire "Härebierg" |
| 1960 | Marc Zanussi | Soumission publique pour la transformation des wagons "Shimms" |
| 1962 | Mars Di Bartolomeo | Cours d'éducation morale et sociale dans l'enseignement primaire |
| 1963 | Mars Di Bartolomeo | Construction de nouvelles écoles primaires |
| 1964 | Mars Di Bartolomeo | Vente d'alcool à des enfants |
| 1965 | Mars Di Bartolomeo | Volume des investissements publics dans la construction |
| 1966 | Mars Di Bartolomeo | Modernisation du secteur hospitalier |
| 1967 | Mars Di Bartolomeo | Reconduction des travaux extraordinaires dans l'intérêt public (Notstandsarbeiten) |
| 1968 | Robert Mehlen | Suites réservées à la décision du Ministre de retirer l'autorisation en vue d'installation d'antennes à Berdorf |
| 1969 urgente | Gast Gibéryen | Allègement du secret bancaire |
Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e Samschdeg, den 1. Mäerz huet eis déi traureg Noriicht erreecht, datt ee vun eise fréiere Chamberskolleegen, den Här Pol Wagener vu Réimech, eis am Alter vun 78 Joer no laanger Krankheet fir ëmmer verlooss huet.

Wéi déi meescht jonk Männer vu sengem Jorgang gouf hien als Zwangsrekrutéierte ganz fréi un der Ostfront a Russland mat där grausamer Säit vum Liewe konfrontéiert. Dës Erfahrung sollt hien awer net dovun ofhalen, sech a sengem spéidere Liewen an den Déngscht vun der Konscht a vu senge Matmënschen ze stellen, a sech als Grënner a laangjährege President vum Pius-Verband mat groussem Äifer fir Musek a Gesank anzesetzen.

Op der politescher Bühn huet de Pol Wagener als CSV-Deputéierten aus dem Oste sech vun 1979 bis 1989 virun allem als Finanzexpär an der Chamber een Numm gemaach, iwwerdeems hien op lokalem Plang vun 1982 bis 1993 zu Réimech als Schäffen an als Gemengeconseiller mat groussem Engagement fir d'Belaanger vun de Bierger agetratt ass.

Dem Pol Wagener senger Famill wëlle mir eist häerzlechst Bäileed ausdrécken.

Ech géing Iech bieden ee Moment opzestoen, fir senger am Stëllen ze gedenken.

***(Minute de recueillement)***

Ech soen Iech merci.

### 3. Communications

Folgend Kommunikatiounen hunn ech der Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Madame Erna Hennicot-Schoepges, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 6 mars 2003, le

*- Projet de loi 5102 relative à l'adaptation budgétaire du projet de construction de l'immeuble du Centre de Recherche Public Henri Tudor et du Centre de Technologie de l'Education à Luxembourg-Kirchberg.*

En date du 11 mars 2003 elle a déposé le

*- Projet de loi 5103 portant création d'un établissement public nommé «Centre de Musiques Amplifiées».*

### 4. Retrait du rôle du projet de loi 3170 portant modification de la loi du 20 juillet 1869 sur la presse

Op Ufro hi vun der Regierung schléit d'Presidentekonferenz vir, de Projet de loi 3170 iwwert d'Ofännerung vum Pressegesetz vum Rôle ze sträichen, well en an der Tëschenzäit géigestandslos ginn ass.

Ass d'Chamber domat averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

### 5. Ordre du jour

Fir dës Woch huet d'Presidentekonferenz an hirer Reunioun vum 27. Februar folgenden Ordre du jour virgeschloen, deen lech schrëftlech zougestallt ginn ass:

No der Vereedegung vum Här Marcel Sauber als neien Deputéierten an no der Wahl vun engem neie Vize-President hu mer fir haut de Mëtteg:

- Eng Orientéierungsdebatt iwwert déi wirtschaftlech a sozial Stellung vun der Fra.

D'Froestonn un d'Regierung gëtt no enger Décisioun, déi d'Presidentekonferenz gëschter geholl huet, op den nächsten Dënschdeg verluecht.

Mar de Moien um 9 Auer hu mer:

- D'Interpellatioun vum Här Marc Zanussi iwwer e „plan sectoriel Transport" fir de Minett.

- D'Nominatioun vun engem Commissaire aux Comptes fir d'SNCI.

Mar de Mëtteg um halwer 3 hu mer:

- D'Orientéierungsdebatt iwwert d'Euthanasie.

Iwwermar en Donneschdeg um 9 Auer:

- De Projet de loi 4781 iwwert d'Contrats à distance.

- De Projet de loi 4789, en Ofkommes mat Korea an Indien iwwert de Fluchverkéier.

- De Projet de loi 4833, en Ofkommes mat Hong Kong, mam Nepal a mat de Vereenegte Staate vun Amerika iwwert d'Services aériens.

- De Projet de loi 4904, eng Konventioun iwwert d'Schlichtung innerhalb vun de KSZE-Länner.

En Donneschdeg nomëttes um halwer 3:

- Eng Konsultatiounsdebatt iwwert d'Polizei.

Ass d'Chamber domat averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

### 6. Vérification des pouvoirs et prestation de serment de M. Marcel Sauber

Mir huelen haut de Mëtteg een neie Member an d'Chamber op, an dat well eise Kolleeg, den Här Willy Bourg, den 21. Februar 2003 gestuerwen ass.

Den Artikel 167 vum Wahlgesetz gesäit Folgendes vir:

Déi Kandidaten, déi op jidder Lëscht no deene kommen, déi als gewielt proklaméiert goufen, sinn dozou opgeruff, d'Mandat vun deenen Deputéierte weiderzeféieren, dat duerch Demissioun, Stierffall oder aus iergend engem anere Grond fräi gouf. D'Notifikatioun vun dësem Opruff un d'Suppléantë gëtt innerhalb vu 15 Deeg duerch de President gemaach.

Den Artikel 8 vum Chamberreglement hält fest, datt de Chamberspresident fir d'Successioun op dat vakant Deputéiertemandat suergt an de Statsminister doriwwer a Kenntnis setzt.

A mengem Bréif vum 27. Februar 2003 hunn ech mech also un den Här Marcel Sauber vun Hielem gewannt, deen als éischte Suppléant op der Lëscht vun der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei aus dem Wahlbezierk Zentrum steet.

A sengem Bréif vum 4. Mäerz 2003 huet den Här Marcel Sauber matgedeelt, datt e bereet ass d'Mandat weiderzeféieren, dat duerch de Stierffall vum Här Willy Bourg fräi ginn ass.

Am Artikel 3, Paragraph 1, 4 a 5 vum Chamberreglement steet Folgendes:

„1) La Chambre est juge de l'éligibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.

4) En cas d'admission d'un membre suppléant, la vérification est faite par une commission de sept membres tirés au sort.

5) La Chambre se prononce sur les conclusions de la commission et le Président proclame députés ceux dont les pouvoirs ont été déclarés valides."

Ech géif lech bieden, déi Kommissioun ze konstituéieren, wéi et am Artikel 3, Paragraph 4 virgesinn ass.

Mir lousen elo d'Deputéierten aus, déi an dës Kommissioun kommen.

***Tirage au sort***

D'Kommissioun setzt sech aus folgenden Deputéierten zesummen: der Mme Lydia Mutsch, den Häre Gusty Graas, Nicolas Strotz, Lucien Weiler, Norbert Haupert, Jean Asselborn a Jean-Paul Rippinger.

Ech géif d'Kommission bieden zesummen ze kommen, fir d'Resultater vun de Wahle vum 13. Juni 1999 ze préifen, virun allem wat den Här Marcel Sauber betrëfft, an der Chamber doriwwer e Rapport virzeleeën.

D'Sitzung ass fir e puer Minutten ënnerbrach.

M. le Président.- Déi öffentlech Sitzung geet weider. D'Wuert huet elo d'Presidentin vun der Kommissioun déi mer elo grad konstituéiert hunn, an dat ass déi honorabel Madame Lydia Mutsch.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).*- Här President, d'Kommissioun, déi duerch Lous zesummegestallt gouf, setzt sech aus folgenden Deputéierten zesummen. Ech rappeléieren dat nach eng Kéier:

1. Gusty Graas,
2. Lydia Mutsch,
3. Nicolas Strotz,
4. Lucien Weiler,
5. Norbert Haupert,
6. Jean Asselborn,
7. Jean-Paul Rippinger.

Den Här Jean-Paul Rippinger gouf zum Rapporteur an ech selwer zum President vun dëser Kommissioun ernannt.

Här President, ech bieden Iech deemno dem Rapporteur d'Wuert ze ginn.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet also elo de Rapporteur, den honorabelen Här Jean-Paul Rippinger.

***Rapport de la Commission de vérification***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass haut fir mech eng besonnesch Éier ënnert der Presidentschaft vun der Madame Lydia Mutsch däerfen de Rapport vun der Spezialkommissioun ze maachen.

Dee Rapport gesäit folgendermoossen aus.

Mesdames et Messieurs, la commission ad hoc m'a chargé de faire le rapport suivant: Monsieur Willy Bourg est décédé le 21 février 2003. Conformément à l'article 167 de la loi électorale et à l'article 8 du Règlement de la Chambre, les candidats venant sur chaque liste d'après ceux qui ont été proclamés élus sont appelés à achever le terme des députés de cette liste, dont les sièges deviennent vacants par suite d'option, de démission, de décès ou pour toute autre cause.

Le Président de la Chambre pendant la session pourvoit à la vacance après en avoir informé le Ministre d'Etat. Par lettre du 27 février 2003, Monsieur le Président Jean Spautz s'est donc adressé à Monsieur Marcel Sauber, premier suppléant sur la liste du Parti chrétien social pour la circonscription du Centre. Par lettre du même jour, il en a informé le Premier Ministre. Par lettre du 4 mars 2003, Monsieur Marcel Sauber a fait savoir qu'il accepte de continuer le mandat de député de Monsieur Willy Bourg. En vertu de l'article 118 de la loi électorale et plus particulièrement de l'article 3 du Règlement de la Chambre, celle-ci juge de l'éligibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.

Notre commission a eu pour mission de procéder aux vérifications qui s'imposent. Les élections législatives du 13 juin 1999 ont été vérifiées et validées par la Chambre des Députés le 13 juillet 1999. Des procès-verbaux des résultats des prédites élections, il résulte que Monsieur Marcel Sauber, demeurant à Helmsange, est effectivement le premier suppléant sur la liste du Parti chrétien social dans la circonscription du Centre et vient en rang utile pour occuper le siège devenu vacant par suite du décès de Monsieur Willy Bourg.

Monsieur Marcel Sauber a fait savoir au Président de la Chambre qu'il accepte de continuer le mandat de Monsieur Willy Bourg, par lettre du 4 mars 2003. La commission conclut à l'unanimité que rien ne s'oppose à l'assermentation de Monsieur Marcel Sauber et lui souhaite bonne chance dans l'exercice de son mandat de député.

Le dossier qui a été mis à la disposition de la commission est déposé sur le Bureau de la Chambre. Monsieur le Président, s'il vous plaît.

M. le Président.- De Konklusioune vun der Kommissioun no sinn d'Législatioun an d'Reglement op dësem Gebitt respektéiert ginn an deemno kann den Här Marcel Sauber den Här Willy Bourg ersetzen.

Ass d'Chamber mat de Konklusioune vun der Kommissioun averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Loosst wann ech gelift den Här Marcel Sauber erakommen.

***Assermentation de M. Marcel Sauber***

Här Sauber, ech géif Iech elo bieden den Eed ze leeschten, esou wéi en nom Artikel 57 vun eiser Verfassung virgesinn ass an dee folgende Wuertlaut huet: „Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'Etat".

Ech géif Iech bieden déi riets Hand ze hiewen a mat mir ze soen: „Je le jure".

M. Marcel Sauber *(CSV).*- Je le jure.

M. le Président.- Ech ginn Akt vun Ärer Vereedegung a proklaméieren Iech zum neien Deputéierte vun der Lëtzebuerger Chamber. Ech géif Iech dann och gläich d'Wuert ginn, fir e puer Wuert un Är nei Kolleegen ze riichten.

M. Marcel Sauber *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, datt mäin éischte Gedanken op dësem Podium fir Ären a mäi verstuerwene Frënd Willy Bourg ass. Mir hunn eis begéint wéi mer zesumme fir d'éischt an d'Wahle gaange sinn. Dat war 1985. 1984/85 ass de Willy an d'Chamber getratt an ech sinn déiselwecht Zäit an de Conseil d'Etat agetratt.

De Willy huet an der Lëtzebuerger Politik ganz kloer Spuren hannerlooss an ech denken hei mat groussem Respekt un hien an u seng Famill. Hien huet säi Wee gemaach an ech wäert versichen och mäi Wee nach weider ze maachen, woubäi ech weess, dass duerch den Doud vum Willy wuel e Stull hei an dësem Plenum fräi ginn ass, mä wou ech awer och weess, datt kee seng Plaz kann huelen.

Dir Dammen an Dir Hären, wann ech de Mandat als Deputéierten ugeholl hunn, esou ass dat u sech eng natierlech Entscheedung gewiescht. An der leschter Wahlcampagne sinn ech oft gefrot ginn: Wanns de dann elo gewielt gëss, gëss de dann däi Mandat am Conseil d'Etat op? Meng Äntwert war ëmmer ganz kloer: Jo. Wéi sech dann elo d'Fro méi konkret gestallt huet, ob ech fréizäiteg mäi Posten als President am Statsrot géif opgi fir hei an d'Chamber nozeréckelen, hat ech dann och kee Problem fir Jo ze soen, dat ëmsou méi well meng legal Zäit am Conseil d'Etat souwisou am Juni eriwwer gewiescht wier. Jo awer och well ech der Meenung sinn, datt ech nach ze jonk si fir doheem ze sëtzen an näischt ze maachen an datt ech vläicht meng Erfahrung am Conseil d'Etat, aus der Gemengepolitik, respektiv och aus mengem Beruff kënnt hei asetzen zum Wuel vum Land.

Dir Dammen an Dir Hären, mir liewen an enger Period wou dobausse méi e raue Wand bléist, eng Period déi gekennzeechent ass duerch e Krich, deen all Dag riskéiert auszebriechen, eng weltwäit Veronsécherung a kriminell Aktiounen, awer och duerch méi en haart Wirtschaftsliewen, Betribszesummeschlëss an domat verbonne Personalofbau, duerch méi eng haart Konkurrenz a wéineger Benefisser, méi Leit déi eng Aarbecht sichen, méi Chômage, och hei zu Lëtzebuerg an ewell och scho bei de Qualifizéierten.

Et sinn dat Problemer déi eis viru Realitéite setzen, déi scho bal vergiess woren. Ech wëll elo hei net e groussen Exposé maachen iwwer Wirtschafts-, Finanz- a Sozialpolitik, mä ech wëll een Aspekt haut besonnesch uschneiden, an dat ass dee vum Mëttelstand.

Wou steet de Mëttelstand an eiser heiteger Gesellschaftspolitik? Wou ass seng Zukunft? Oder och nach, wéi wäit a wéi vill Mëttelstand brauche mer? Besteet nach Handlungsbedarf? Deen neie Mëttelstand kennen ech nawell, well ech mäi Liewen an de Mëttelstandsorganisatioune verbruecht hunn an als ee vu senge Spriecher iwwer méi wéi 30 Joer konnt hëllefe mat den zoustännege Politiker vun alle Kategorien eng Mëttelstandspolitik op- an auszebauen.

Ech si Gott sei Dank net eleng, net deen eenzegen heibannen, deem de Mëttelstand un d'Häerz gewuess ass an dee matgehollef huet.

Wann een elo iwwert déi lescht 30 Joer zréckkuckt, da muss ee soen, dass konsequent villes geschitt ass, wat de Kleng- a Mëttelbetriber zegutt komm ass. Ob dat am Kader vun der Mëttelstandspotilik, der Finanzpolitik, der Budgetspolitik, der Bautepoliltik, der Ëmweltpolitik, der Ausbildung an aneren Aspekter vun der Gesellschaftspolitik ass.

Et ass awer elo net fir d'Hänn an de Schouss ze leeën, eemol well nach munches opsteet a weider well permanent Upassungen och an der Politik vis-à-vis vun de Kleng- a Mëttelbetriber noutwendeg sinn an nei an zousätzlech Problemer sech stellen.

Wann een zréckkuckt op déi Jore vun 1975 un, d'Krisejoren, wou e groussen Ëmschwonk an der Wirtschaftsszen sech breetgemaach huet a wou vill Aarbechtsplazen a Gefor woren an ofgebaut goufen, da muss ee feststellen datt mer haut an enger bal vergläichbarer wirtschaftlecher Situatioun sinn. Da muss een awer och unerkennen, datt global just grad déi Kleng- a Mëttelbetriber aus dem Mëttelstand, Handwierk, Handel an Hôtellerie sech gutt geschloen hunn. Hir Zuel ass déi lescht 25 Jore gläich bliwwen, mä d'Zuel vun de beschäftegte Leit an dëse Betriber huet ganz staark zougeholl.

Also d'Kleng- a Mëttelbetriber si krisestabil, si stellen eng Stäerkt vun eiser Wirtschaft duer. Sozialpolitesch si se ganz wichteg, well se qualifizéiert Mataarbechter ausbilden a sécher Aarbechtsplazen offréieren.

Gesellschaftspolitesch kann hire Wäert net genuch ënnerstrach ginn. Si erméiglechen de sozialen Opstieg iwwert de Wee zum Selbststännegen.

D'Pluralitéit vun dëse Betriber steet am Géigesaz zur Konzertatioun vun de Groussbetriber. Hir Verdeelung iwwert d'ganzt Land dréit ouni Zweifel zu enger besserer Liewensqualitéit bäi. Si offréieren hir Servicer do wou se gefrot sinn, si schafe lokal a regional Aarbechtsplazen a forméiere gewëssermoossen als Gratisschoul Jugendlecher. Si offréieren och grad duerch hir Verschiddenheet der Jugend e grousse Choix vu ville Beruffer. Dës Betriber hunn awer och hir Problemer, zäitbedéngt Problemer, mä awer och haaptsächlech Problemer déi doduerch bedéngt sinn, datt se ebe kleng sinn an net am Betrib selwer déi qualifizéiert Leit kënnen hu fir mat alle Gesetzer a Situatiounen eens ze ginn, wann dës net de spezifeschen Aspekter vun de Kleng- a Mëttelbetriber Rechnung droen.

Firwat resüméieren ech dës Aspekter a menger Untrëttsried? Well ech der Meenung sinn, datt wann ee Jo seet zu Kleng- a Mëttelstandsbetriber, wann een hir wichteg Roll an eiser Gesellschaft richteg aschätzt, da muss een och konsequent Jo soen zu enger Mëttelstandspolitik, déi all Facettë vun der Politik am allgemengen abegräift. Dat heescht datt gekuckt gëtt bei alle Gesetzer, ob se och fir Kleng- a Mëttelbetriber verträglech sinn, ob dës domat eens ginn an ob verschidde Bestëmmungen iwwerhaapt fir si noutwendeg sinn. Dat wäerten Aspekter sinn, déi ech och an dësem Gremium besonnesch wäert am A behaalen.

Doriwwer stellen ech mer d'Fro, wou et dobausse wirtschaftlech méi lues geet, wou de Chomâge zouhëlt, ob net grad elo erëm de Moment wär fir déi heiteg positiv Aspekter vun der Mëttelstandspolitik weider auszebauen, d'Programmer nach méi konsequent duerchzezéien an zousätzlech nei Elementer mat eranzebréngen, datt dës Betriber déi Roll och kënne weider spillen déi hinnen zousteet, dat Ganzt och zum Wuel vun hire ville Mataarbechter an zum Wuel vun eisem Land. Heibäi wäert de Mëttelstandsminister an all déi, déi mathëllefen, op mech ziele kënnen.

Awer net eleng d'Wirtschaftspolitik an d'Mëttelstandspolitik wäerte mech interesséieren. Meng Erfahrung, oder meng Funktioun bis gëschter nach am Conseil d'Etat, huet et mer erméiglecht an eng ganz Partie Dossieren, déi unhängeg sinn, och Ableck ze huelen, déi och schonn deelweis matdiskutéiert sinn, an dat erlaabt mer dann och hei meng Mathëllef ze offréieren.

Ofschléissend wëll ech soen, datt et fir mech eng grouss Éier ass hei an dësem Parlament dierfe matzeschaffen.

Ech soe merci fir d'Nolauschteren.

## 7. Nomination d'un Vice-Président de la Chambre des Députés

M. le Président.- No der Vereedegung vum Här Marcel Sauber als neien Deputéierten ass d'Chamber haut de Mëtteg dozou opgeruff en neie Vize-President ze ernennen.

Ech froen d'Chamber, ob Virschléi do sinn?

Den Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Meng Fraktioun proposéiert als neie Vize-President den Här Nico Loes.

M. le Président.- Här Colombera, sidd Der och Kandidat?

M. Jean Colombera *(ADR)*.- Neen, Här President, ech sinn net Kandidat. Ech notéieren, dass d'CSV-Fraktioun den Här Nico Loes als Vize-President proposéiert. Den Här Nico Loes ass eng sympathesch Persoun. Mir hu se kenne geléiert als e kompetente Mann, an e géif seng Aarbecht als Vize-President ganz gutt maachen.

Mä ech mengen, Här President, mir mussen haut aneschters denken. Mir hätte léiwer wann d'CSV-Fraktioun d'Kandidatur vum Här Nico Loes géif zréckzéien aus e puer Grënn. Éischtens well mer haut, nom internationale Fraendag, dee mer d'lescht Woch haten, och eng Fraendebatt hu mat der sozioekonomescher Konditioun vun der Frau.

Zweetens well mer an der Chamberkommissioun vun der Egalité ëmmer bemängelt hunn, dass Frae politesch net genuch engagéiert wieren, a mir hunn eis gefrot wat mer maache solle fir d'Fra dobausse besser ze profiléieren.

Drëttens well mer schonn an der Chamber éischtens e President hunn, den Här Spautz, zweetens zwee Vize-Presidenten, den Här Asselborn an den Här Niki Bettendorf, an ech mengen am Sënn vun der Egalité des chances misste mer haut déi Occasioun hei notze fir eng Vize-Presidentin ze nomméieren, an d'Madame Marie-Josée Jacobs, eis Fraeministesch, déi sech ganz gutt fir d'Fraekonditioun asetzt, wär mat dësem Cadeau zefridden.

Ech menge mir missten hei am Land vläicht e Signaleffekt setzen. Wann Dir Här President eng Kéier midd sidd an Dir gitt eraus lech relaxéieren, da wär et schéin wann hei eng Fra géif setzen an d'ganzt Land géif soen: Okay, d'Lëtzebuerger Parlament huet och eng Madame do, d'Lëtzebuerger Parlament setzt sech och fir eng Fra an. An dofir géif ech nach eng Kéier hei offiziell d'CSV-Fraktioun bieden, wann ech gelift Här Weiler, wann ech gelift Här Loes, fir déi eescht Saach hei, huelt Är Kandidatur zréck.

Ech soen lech merci.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- Sinn nach Kandidaten do?

Wa soss keng Kandidatur méi do ass, da wollt ech drop opmierksam maachen, dass den Artikel 4, Absatz 5 vum Chamberreglement virgesäit, dass et net brauch zur Ofstëmmung ze komme wann d'Zuel vun de Kandidaten a vun de fräie Poste gläich ass. Ech froen deementspriechend ob d'Chamber d'accord ass fir den Här Nico Loes als neie Vize-President vun der Chamber ze bezeechnen?

Wann Der domadder d'accord sidd, da géing ech lech bieden dat duerch Applaudissement zum Ausdrock ze bréngen.

***(Applaudissements)***

Et ass also esou décidéiert, an domat ass den Här Nico Loes zum neie Vize-President vun der Chamber ernannt. Meng Félicitatiounen. Eise Grand-Duc gëtt doriwwer och a Kenntnis gesat.

Nodeems mer elo en neie Member an d'Chamber opgeholl hunn, gëtt et verschidde Changementer wat d'Zesummesetzung vun de Kommissiounen ubelaangt.

Ginn et dozou nach iergendwellech Virschléi?

Den Här Lucien Weiler.

## 8. Composition des délégations auprès des assemblées internationales et des commissions parlementaires

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, meng Fraktioun proposéiert fir an der Assemblée parlamentaire de l'OTAN den Här Bourg ze ersetzen duerch den Här Jean-Marie Halsdorf, an den Här Wiseler géif d'Funktioun vu Suppléant iwwerhuelen, déi bis elo den Här Halsdorf hat.

M. le Président.- Ass d'Chamber domadder d'accord?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, da proposéiert eis Fraktioun eng Rei vun Ëmännerungen an de Kommissiounen. An der Kommissioun vun den Affaires étrangères soll den Här Marcel Sauber den Här Willy Bourg ersetzen, an der Kommissioun vun den Affaires interieures den Här Fred Sunnen den Här Bourg, an der Kommissioun vun de Classes moyennes den Här Marcel Sauber den Här Claude Wiseler, an der Commission de l'Economie den Här Strotz den Här Bourg fir d'Voletë „Poste" an „Transports", an der Kommissioun vum Environnement den Här Sauber den Här Sunnen, an der Kommissioun vun den Institutiounen den Här Marcel Sauber den Här Mosar, an der Kommissioun vun den Travaux publics den Här Fred Sunnen den Här Bourg, an der Commission spéciale PAN remplacéiert den Här Sauber mech an an der Commission spéciale Ethique remplacéieren ech den Här Willy Bourg.

M. le Président.- Ass d'Chamber d'accord?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre de jour, deen eng Orientéierungsdebatt iwwert déi wirtschaftlech an déi sozial Stellung vun der Fra virgesäit. Et si bis elo ageschriwwen: déi Damme Stein, Mutsch, Nagel, den Här Colombera, déi Damme Wagener, Err an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur, déi honorabel Madame Ferny Nicklaus-Faber.

## 9. 5050 - Débat d'orientation „La situation économique et sociale des femmes"

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV), rapportrice*.- „Les pays qui pratiquent la discrimination sexuelle paient un lourd tribut, sous forme de pauvreté, de croissance lente, de gestion déficiente des affaires publiques et de faible qualité de vie."

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Zitat staamt vun engem vun de Co-Auteure vum Rapport „stimuler le développement par l'égalité entre hommes et femmes" vun der Banque mondiale, deen ufanks 2001 der Öffentlechkeet presentéiert gouf. E gëtt ganz gutt dat erëm wat um Spill steet. Gläichheet tëschent Fraen a Männer ass net nëmmen eng Fro vu sozialer Gerechtegkeet, si stellt och eng Garantie fir d'Demokratie duer, ouni déi keng reell demokratesch Gesellschaft opgebaut ka ginn. Eng Demokratie huet nämlech nëmmen e Sënn, wann all politesch, ekonomesch, sozial a kulturell Orientéierungen an Entscheedunge vu Fraen a Männer gemeinsam definéiert, respektiv geholl ginn. Nëmmen esou ginn d'Besoinen an d'Interesse vum ganze Vollek respektéiert.

Doriwwer eraus besteet ganz kloer en Zesummenhank tëschent enger gläichberechtegter Participatioun vun de Fraen an de Männer an dem ekonomesche Wuesstum. Et geet aus dem virleschte Rapport annuel vun der europäescher Kommissioun iwwert d'Chancëgläichheet ervir, datt um Niveau vun der Europäescher Unioun ongeféier e Fënneftel vum jährleche PIB-Wuesstum op weiblech Beschäftegung zréckzefëieren ass.

De virleiende Rapport, deen éischter eng Aart zesummefaassend Bestandsopnahm vun der sozioekonomescher Lag vun de Fraen duerstellt, soll als Diskussiounsbasis déngen, fir datt d'Fraekonditioun an deenen nächste Joren zügeg weider kënnt. Esou laang wéi d'Situatioun vun de Frae sech par rapport zu där vun de Männer wesentlech ënnerscheet, esou laang sinn Orientéierungsdebatte wéi déi hei noutwendeg.

De Sujet vun der Debatt vun dësem Joer ass vaste. Et huet mir als Rapportrice wichteg geschéngt esou wäit wéi méiglech den eenzelne Propose vun de Memberen an der Kommissioun Rechnung ze droen a se an de Rapport anzebannen. De Sujet hätt kënnen nach méi wäit an ëmfangräich ausfalen, wann ee wierklech all Iddi integréiert hätt. Ech denken do zum Beispill un d'Situatioun vun den auslännesche Fraen, virun allem un déi déi op Lëtzebuerg komme mat engem Artistevisa an déi oft skrupellos hei ausgebeut an zur Prostitutioun verleet ginn. Dës wichteg Sujete kënnten eng Debatt fir sech duerstellen.

D'Frae si bis haut nach ëmmer eng Ausnahm a Féierungspositiounen, ob dat elo an der Politik ass oder an der Wirtschaft. D'Tatsaach, datt d'Zuel vun de Fraen an der Chamber säit 1965, dat sinn ëmmerhi bal 40 Joer, vun enger Deputéiert op zéng erop gaangen ass, oder datt d'Frae säit 1989 ouni Ënnerbriechung an der Regierung vertruede sinn, soll eis awer net vergiesse loossen, datt d'Politik nach ëmmer zu engem groussen Deel vun de Männer dominéiert gëtt. Déi Situatioun wäert sech net änneren esou laang wéi d'Fraen net d'Moyene kréien, déi et hinnen erlaben e gläichberechtegte politeschen Acteur ze sinn.

Am Kader vun den Debatte vun 1999 an 2000 hat d'Kommissioun eng Rei Suggestioune gemaach wéi een d'Fraen um politeschen Niveau fördere kënnt. Et sinn och hei Motioune gestëmmt ginn. Déi rezent Reform vum Wahlgesetz war en ideale Kader fir dës Propositiounen a Motiounen ëmzesetzen. D'Egalitéitskommissioun hat op dës eemoleg Chance higewisen. Leider ass awer konkret näischt fir d'Fraen erauskomm, wat ech zudéifst bedaueren.

D'Frae sinn och quasi inexistent an den ieweschten Etagë vum wirtschaftleche Pouvoir. Kennt Dir vill Fraen, déi d'Verantwortung vun engem Bankdirekter droen? Kennt Dir Fraen, déi President vun engem Verwaltungsrot sinn? Ech net. Souguer bei deene méi klengen Entreprisë muss ee feststellen, datt d'Fraen a Féierungspositiounen ënnerrepresentéiert sinn. D'Tatsaach, datt hautzudags ëmmer méi Frae studéieren, a grad esou vill jonk Frae wéi Männer, wann net souguer méi, e postsecondairen Diplom hunn, soll eis awer net zu där vereinfachter a falscher Konklusioun verleeden, datt all Ongläichheeten opgehuewe wieren a mir eist Zil vun der Gläichheet esou gutt wéi erreecht hätten.

Den Erfolleg an der Schoul spigelt sech nämlech net am professionellen an am gesellschaftleche Beräich erëm. D'Frae konzentréiere sech nach ëmmer op déi Secteuren a Beruffer, wou d'Perspektiven op Carrière a Promotioun net

déi bescht sinn. D'Frae verdéngen nach oft manner wéi hir männlech Kolleegen, an dat bis zu 28%. Wann ee vun der Struktur vun der weiblecher Aarbecht ofgesäit, bleiwen awer nach ëmmer Ënnerscheeder vun 11 bis 12%, déi een nëmmen duerch d'Geschlecht erkläre kënnt.

Et sollt een och net vergiessen, datt proportional gesinn d'Frae méi concernéiert vum Chômage a vum Mindestloun si wéi d'Männer, ouni ze schwätze vun der Deelzäitaarbecht, déi ëmmer méi beruffstäteg Frae betrëfft. D'Deelzäitaarbecht, déi fir vill Fraen deen eenzege Moyen ass de Beruff mam Familljeliewen ze verbannen, mécht ongefeier 25% vun der weiblecher Beschäftegung aus, déi weiderhi vill méi niddreg ass wéi déi vun de Männer, och wann den Taux d'emploi vun de Fraen, besonnesch vun de Fraen am Alter vu 25 bis 50 Joer, stänneg wiisst. Nëmmen ongefeier 2% vun de Männer si vun der Deelzäitbeschäftegung concernéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës grondleeënd verschidde Positioune vu Fraen a Männer an der Gesellschaft hypothéquéieren net nëmmen d'Demokratie an de wirtschaftleche Wuesstum, mä si setzen och d'Fraen engem vill méi groussen Aarmuttsrisiko aus. Den Aktiounsprogramm, dee während der véierter internationaler Konferenz iwwert d'Fraen 1995 zu Peking adoptéiert gouf, huet festgehalen, datt d'Pauvretéit hir Wuerzelen an der ongläicher Bedeelegung vun de Fraen an de Männer um ekonomesche Pouvoir huet. Kee Land ass vun der Problematik Fraenaarmutt verschount, quitte dass sech d'Situatioun vun enger Industriegesellschaft net mat där vun engem Entwécklungsland vergläiche léisst.

De Rapport setzt sech mat der Problematik Aarmutt a Fraenaarmutt auserneen, well de Kampf géint d'Aarmutt eng Erausfuerderung vun der Europäescher Unioun duerstellt.

Aarm sinn huet nach laang net ëmmer mat Pech oder souguer mat Faulheet ze dinn. Et ass éischter eng Fro vu sozialer Ongerechtegkeet. Dës Debatt soll och dozou bäidroe Viruerteeler ze bekämpfen an ze weisen datt Aarmut a sozial Ausgrenzung mat sozialer Ongerechtegkeet am Zesummenhang steet, an dëst um Beispill vun den Ongerechtegkeeten tëschent Fraen a Männer.

Kann een dann elo vun enger weiblecher Aarmutt schwätzen? No den Donnéeë vum CEPS kënnen ongefeier 12% vun de Fraen hei zu Lëtzebuerg als aarm bezeechent ginn. De Prozentsaz vu Männer, déi aarm sinn, läit och bei 12%. Als aarm gëllt eng Persoun déi engem Stot ugehéiert, dee mat engem Revenu vu manner wéi 60% vum Duerchschnëttsrevenu vun de private Stéit auskomme muss.

Dës anscheinend Paritéit Mann/Fra, muss awer relativéiert ginn. D'Aarmutt gëtt net individuell, mä par rapport zu engem Stot gerechent. Dës Methodologie ass discutabel a gëtt och vu verschiddene Chercheuren op deem Gebitt staark kritiséiert, well esou eng Rechemethod et net erlaabt sech e komplett Bild vun der sozio-ekonomescher Lag vun de Fraen ze maachen. Den CEPS gëtt och zou, datt dës Methodologie dat gläichwäertegt Resultat gréisstendeels kënnt erklären.

Den CEPS huet zwou Kategorië vu Fraen identifizéiert, déi par rapport zu de Männer e méi grousse Risiko lafen aarm ze sinn oder ze ginn. Et handelt sech ëm elengerzéiend Mammen an net beruffstäteg eeler Fraen oder Wittfraen. Dorauser loosse sech dräi Facteuren erkennen, déi eng Roll spille bei der weiblecher Aarmutt: d'Inaktivitéit, d'Feele vun engem Partner an d'Presenz vu Kanner.

Als ganz komplexe Problem léisst sech d'Aarmutt vun de Fraen net nëmmen duerch dës Facteuren erklären. Dësen Zoustand hänkt vu verschiddenen aneren Ëmstänn of, déi am Kader vun enger monetaristescher Approche net zum Virschäi kommen, wéi zum Beispill eng Scheedung. Wann elengerzéiend Mammen e méi grousse Risiko aginn aarm ze sinn, da läit dat dorunner datt si déi verschidde Risikofacteure kumuléieren. Méi wéi 80% vun de Ménages monoparentaux si vu Frae geleet. Tendenz steigend, wann ee bedenkt datt quasi eng bestuete Koppel op zwou sech scheede léisst.

Et sinn och ganz oft dës Facteure sougenannter privater Natur, déi d'Fraen an Aarmutt stierzen. Vill Fraen hunn nom Bestiednis an der Gebuert vun hire Kanner de Beruff opginn, fir sech kënnen ëm hir Famill ze këmmeren. No enger Scheedung sti si ganz oft eleng mat hire Kanner do, ouni Wunneng, ouni Aarbecht an ouni Revenu. Si musse souguer oft juristesch Prozeduren aleede fir iwwerhaapt hiren Expartner dozou ze kréie sengen Ënnerhaltsverflichtungen nozekommen. Dat kascht Geld an Zäit. D'Kommissioun freet sech, ob et an dësem Kontext net méiglech wier d'Référésprozeduren ze änneren, respektiv den Abandon de famille méi streng wéi bis elo ze sanctionnéieren. Fir d'Detailer verweisen ech op de schréftleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aarm ze si bréngt vill Konsequenze mat sech. Den allergréisste Problem ass eendeiteg dee vum Zougang zu enger adequater Wunneng. Meng Kolleegin Nelly Stein wäert herno op dëse Punkt méi am Detail agoen.

En anere Problem ass dee vun den Opfangstrukture fir Kanner. De Stat ënnerstëtzt an dësem Kontext Familje mat klenge Revenuen ënner anerem andeem hie Crèchëplazen a private Strukture lount, déi hien dann de Familje fir méi e bëllege Präis zur Verfügung stellt. De Familljeministère soll also onbedéngt déi néideg finanziell Mëttele kréie fir dës Politik weider auszebauen.

Weiblech Aarmutt huet och Konsequenzen op d'Gesellschaft, virun allem op d'Kanner, déi eis Zukunft duerstellen. D'PISA-Etüd huet ganz kloer den Zesummenhang tëschent där sozio-ekonomescher Situatioun vun den Elteren, virun allem elengerzéienden Elteren, an de Leeschtunge vun dëse Kanner an der Schoul ënnerstrach.

Et geet aus deem wat ech elo grad virgedroen hunn ervir, datt eis Gesellschaft villes ze gewannen huet vun enger gläichwäerteger Participatioun vu Fraen a Männer.

Wéi kritt een elo déi Ongläichheeten, déi nach ëmmer tëscht Fraen a Männer bestinn, opgehuewen? Fir dës Fro ze beäntweren, muss een als alleréischt sech d'Fro stellen, wéi sech dës grondleeënd verschidde Positiounen erkläre loossen.

D'Fraen an d'Männer hunn net déiselwecht Start- a Rahmebedingungen. D'Struktur vun eiser Gesellschaft erkläert gréisstendeels dësen Zoustand. Westlech Industriegesellschaften hu sech historesch esou entwéckelt, datt d'Gesellschaft an zwou verschidde Sphäre getrennt gouf, an zwar eng öffentlech zu där d'Berufswahl, d'Wirtschaft oder d'Politik zielen, an eng privat wéi d'Famill. Den Zougang zu dëse Sphäre gouf duerch d'Geschlecht vun de Persoune festgeluecht. D'Konsequenz dovu wor, datt d'Männer eleng dat politescht, wirtschaftlecht a gesellschaftlecht Liewe bestëmmt hunn.

Obscho villes sech geännert huet, bleift eis modern Gesellschaft awer nach ëmmer staark vun engem männleche Leitbild gepräegt. Den Aarbechtsmaart ass no engem männleche Modell strukturéiert ginn, deen dovunner ausgeet, datt d'Salariéë ganzdeegs schaffen an ëmmer disponibel musse sinn. An anere Wierder, de Salarié muss fräi si vun alle familiären oder häusleche Verpflichtungen. D'Männer konnten a kënnen nach ëmmer gréisstendeels de Verantwortungsberäich Famill un hir Fraen ofginn. Obschonn och an dësem Beräich Ännerungen ze verzeechne sinn, bleift et awer esou, datt beruffstäteg Fraen nach ëmmer déi gréisste familiär Verantwortung droen a bis zu véiermol méi Zäit an d'Erzéiung vun de Kanner an dem Stot investéiere wéi hir Männer. Ënnert dësen Ëmstänn ass et net erstaunlech, datt d'Frae méi Schwieregkeeten hu sech um Aarbechtsmaart an a Féierungspositiounen ze behaapten.

Den Erzéiungssystem, wéi all System oder Institutioun an eiser Gesellschaft, dréit och net 100%eg den Erwaardunge vun de Meedercher an de Frae Rechnung. De Projet „Gläichheet deelen", deen als Zil huet laangfristeg an eiser Gesellschaft eng Genderkultur ze entwéckelen an dernieft Akzenter am Beräich vun der Erzéiung an der Formatioun setzt, huet gewisen, datt d'Erzéiung net „neutral" ass, mä beaflosst gëtt vum Geschlecht vum Kand. D'Konsequenz dovunner ass déi, datt den Erzéiungssystem et net wierklech fäerdeg bréngt, d'Potenzialitéite vun de Meedercher an de Jonge gläichwäerteg ze förderen. Wann d'Fraen oft manner interessant Beruffer ausüben a puncto Gehalt oder Promotioun wéi d'Männer, ass dat manner eng Fro vum Niveau vun der Formatioun wéi vun der Basisorientéierung an der Schoul. D'Choixen, déi vun de Schülerinnen am Secondaire getraff ginn, déterminéiere gréisstendeels hire spéidere Beruff. Or, d'Orientéierung vun de Meedercher gëtt, zumindest deelweis, duerch strikt definéiert weiblech a männlech Rolle beaflosst.

D'Ségrégatioun um Niveau vun der initialer Ausbildung setzt sech fort um Niveau vun der Formation continue, déi enk mat de weibleche Beruffer zesummenhänkt, esou datt vill Frae keng reell Chance hu sech berufflech weider ze bilden a sech nei Opportunitéiten ze sécheren. Doriwwer eraus ass et fir eng beruffstäteg Fra mat Kanner relativ schwéier iwwerhaapt eng Formatioun ze maachen, dëst haaptsächlech aus familiäre Grënn. Hinne feelt et oft un där néideger Zäit fir esou Projeten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi kritt een d'Situatioun geännert?

Et féiert kee Wee laanscht ee grondleeënde Mentalitéitswiessel. Déi jonk Generatioune sinn dobäi sech dësem Wandel ze ënnerzéien. Et gëtt zum Beispill ëmmer méi jonk Männer déi d'Familljeverpflichtungen als ee selbstverständlechen Deel vun hirem Liewen ugesinn, a lues a lues liicht et och deem engem oder deem aneren Employeur an, datt e vill ze gewannen huet wa méi Fraen um Féierungsprozess géifen deelhuelen. Och wann eng individuell Prise de conscience wichteg ass, dat geet awer net duer. D'Strukture vun eiser Gesellschaft musse sech änneren. Déi eenzeg Méiglechkeet besteet doranner, den Objektiv vun der Gläichheet tëscht Männer a Fraen an all Décisiounen, Moossnamen a Strukturen ze integréieren.

Eis Regierung huet sech am Kader vum Plan d'action vun 1997, respektiv vum Plan d'action Peking + 5 verflicht, d'Dimension du genre an allen Entscheedungsniveauen ze integréieren. Dëst Engagement huet sech och an der Praxis, zumindest deelweis, konkretiséiert. D'Ausféierung vun dëser politescher Approche ass awer weder komplett nach huet si sech genera-



liséiert. Et muss een awer och bemierken, datt et net einfach ass a kuerzer Zäit Strukturen a Konzeptiounen, déi Jorzéngte laang als Norm gegollt hunn, ze änneren. Et ass eng laangwiereg Tâche an d'Kommissioun weess d'Efforte vun der Regierung an dësem Kader ze schätzen. Et bleift awer nach vill ze maachen, sief et an de Beräicher wéi Educatioun a Formation professionnelle, oder a Beräicher wéi d'Bekämpfung vun der sozialer Ausgrenzung.

D'Bekämpfung vun der Aarmutt huet nëmmen e Sënn, wann déi ugewannte Strategie geschlechtsspezifesch Elementer incorporéiert. Dofir brauch een och esou Donnéeën an déi feele gréisstendeels nach ëmmer, obwuel d'Kommissioun des Öftere schonn drop higewisen huet. 1999 huet d'Chamber an deem Sënn eng Motioun gestëmmt, déi d'Regierung opgefuerdert huet esou Donnéeën opzestellen. An dësem Sënn wëll ech dofir eng Motioun areechen.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les engagements pris par le Luxembourg lors de la signature de la Déclaration et du Programme d'action adoptés par la 4e Conférence mondiale sur les femmes qui s'est tenue à Pékin en 1995;*

*- considérant que le Traité d'Amsterdam a formalisé en 1997 l'engagement vis-à-vis de l'intégration de l'égalité entre les femmes et les hommes au niveau européen qui s'inscrit dès lors parmi les missions de l'Union européenne;*

*- considérant le plan d'action 2000 adopté par le Gouvernement en Conseil en mars 1997 et destiné à mettre en oeuvre la Déclaration et le Programme d'action de Pékin, ainsi que le plan d'action «Pékin + 5» adopté en juin 2001 afin d'intégrer dans la stratégie-cadre les recommandations émises à l'occasion de l'assemblée extraordinaire à laquelle l'ONU avait convié les gouvernements et autres acteurs concernés au courant de l'année 2000;*

*- rappelant sa motion adoptée dans le cadre du débat d'orientation sur la participation des femmes dans la prise de décision le 3 mars 1999 par laquelle le gouvernement fut invité plus particulièrement «à introduire, en se conformant au principe du mainstreaming, l'établissement généralisé de données statistiques ventilées par sexe dans tous les ministères et services publics chargés par l'Etat de l'établissement de telles statistiques»;*

*- réaffirmant l'importance d'une approche sexospécifique de toute action, programme, mesure ou décision politique;*

*- constatant qu'une telle approche nécessite au préalable la mise en place d'une banque complète de données ventilées par sexe;*

*invite le Gouvernement*

*- à poursuivre et multiplier de manière plus soutenue les efforts afin de généraliser à court et moyen terme l'établissement de données ventilées par sexe dans tous les domaines et à tous les niveaux ministériels, administratifs et autres.*

*(s.) Ferny Nicklaus-Faber, Jeannot Belling, Jean Colombera, Marie-Josée Meyers-Frank, Maggy Nagel, Marco Schank.*

D'Kommissioun ass och der Meenung, datt d'sozial Acteuren iwwert d'Noutwendegkeet vun enger Mann-Frau-orientéierter Approche vun der Aarmutt a sozialer Ausgrenzung ze informéiere wieren.

Iwwert d'Strategie vum Gendermainstreaming eraus, huet d'Regierung an deene leschte Joren eng ganz Rei vu Moossname geholl. Dovunner verschiddener, déi sech ganz speziell op d'Frae bezéien an déi zum Zil hunn d'Chancëgläichheet ze förderen.

Ech denken do un déi verschidde Reforme vun der Sécurité sociale, wéi d'Aféierung 1988 vun de Babyjoren, eng Moossnam déi nodréiglech verbessert gouf, oder den Achat rétroactif vu Versécherungsperioden. Dës Moossname ginn de Fraen d'Méiglechkeet sech eege Rechter ze sécheren. D'Moossnamen, déi am Kader vum Rentendësch décidéiert goufen, droen och zur Ofsécherung vun der sozio-ekonomescher Lag vun de Frae bäi.

De Congé parental oder de Congé pour raisons familiales, déi kommunal a staatlech Politik a puncto Structures d'accueil fir Kanner, och dat si Moossnamen déi et erlaben, Familljeliewen a Beruff besser kënne mateneen ze verbannen. Ech verweisen op déi grouss Efforten, déi a vill Gemenge gemaach gi sinn. Erlaabt mer hei d'Stad Lëtzebuerg ze zitéieren, déi op deem Gebitt zënter 20 Joer Pionéieraarbecht leescht a wierklech ganz grouss Projete realiséiert huet. Wat de Congé parental ugeet, deen am Juli wäert oflafen, zumindest an där Form wéi d'PAN-Gesetz e virgesäit, do hofft d'Kommissioun datt dës Moossnam, esou wéi se elo besteet, weidergefouert gëtt. Falls d'Minimaldauer vu sechs op dräi Méint sollt erofgesat ginn, misst een den Eltere méi villsäiteg Congésformulen offréieren, sou wéi dat och an der Etüd vun der KPMG festgehale gouf.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Mir hoffen, datt dat net de Fall ass.

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV), rapportrice.*- Jo, mir hoffen och datt dat net de Fall ass. Mä et ass nëmmen, datt mer eng Geleeënheet do hätten, wann ee misst anescht operéieren.

Eis Kommissioun ass sech de finanziellen Efforte vun der Regierung an de Gemengen am Kader vun den Opfangstrukture fir Kanner bewosst. Si hofft, datt dës Efforten unhale wäerten, well d'Demande fir esou Strukturen nach ëmmer méi grouss ass wéi d'Offer. D'Kommissioun hofft des Weideren, datt de Stat an d'Gemengen nach méi enk zesumme schaffe wäerten, fir esou flächendeckend optimal Opfaangstrukture fir all eis Kanner ubidden ze kënnen.

Et gëtt och eng Rei vu Moossnamen déi zum Zil hunn d'Beschäftegung vun de Fraen ze förderen, wéi zum Beispill Mesures positives an de Privatbetriber oder speziell op d'Fraen axéiert, berufflech Formatiounen. D'Kommissioun erënnert an dësem Kontext drun, datt et net duergeet Formatioune fir Fraen ze reservéieren an deene Beräicher, wou si berufflech present sinn. D'Kommissioun plädéiert fir eng diversifiéiert Offer a freet sech, ob et net opportun wär, d'Prise en charge vun de Käschten, déi a Verbindung ze setze si mat enger Formation continue, ze generaliséieren. Bis elo däerfe just elengerzéiend Elteren, déi manner wéi 1,5-mol de Mindestloun kréien, vun esou enger Moossnam profitéieren.

Ech wëll just kuerz op déi Moossnamen zréckkommen, déi am Kader vun der Prise de décision économique geholl gi sinn, respektiv ze huele wären. Eng Etüd, déi 2001 op Ureegung vum Fraeministère a verschiddenen Entreprisen duerchgefouert gouf, huet net nëmme bewisen datt d'Fraen ënnerrepresentéiert waren um Niveau vum Entscheedungspouvoir, mä och op d'Noutwendegkeet vun enger kohärenter an aktiver Politik an dësem Beräich.

Sensibilisatiounscampagnë si wichteg, mä näischt geet iwwer eng geziilt Formatioun a Saache Féierungspositiounen. D'Chamber hat schonn eng Motioun an dësem Sënn gestëmmt, am Kader vun der Fraendebatt 1999. Sécher, verschidde Seminäre goufe vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers organiséiert, mam Zil Fraen, déi eng Entreprise

grënne wëllen, ze informéieren. Et bleift och nach ëmmer e gréissere Problem, an dat ass dee vun der Finanzéierung. Fraen, déi eng Firma grënne wëllen, hu generell méi Problemer wéi hir männlech Kolleege fir e Kredit bei enger Bank ze kréien. Et gëllt sech Gedanken ze maachen, innovativ Finanzéierungsprogrammer oder Instrumenter ze entwéckelen, mat deenen een de weiblechen Entrepreneuriat fördere kënnt, wéi zum Beispill d'Mikrokreditter.

D'Mikrofinanzéierung gëtt als Prioritéit vun der europäescher Kommissioun ugesinn, fir ënner anerem den Esprit d'entreprise an Europa ze förderen. Verschidden Initiativen hu sech schonn europawäit entwéckelt, zum Beispill a Frankräich, wou de Mikrokredit Enn vun den 80er Joren agefouert ginn ass. Déi geweinlech Finanzinstrumenter sinn e Prêt non-bancaire, eng Garantie bancaire oder eng Prise de participation. Doniewent gëtt de Bénéficiaire och am Prinzip encadréiert an deenen Démarchen, déi e muss maachen.

Zu Lëtzebuerg ass de Mikrofinanzement esou gutt wéi inexistent. D'ADA (Appui au Développement Autonome) schafft virun allem fir a mam Ausland. Et kann een eventuell d'A.s.b.l. ETIKA hei zitéieren. Si huet als Objet verschidde Projeten, déi e sozialen oder ekologeschen Impakt hunn, ze finanzéieren, andeem se den Zougank zu esou engem Kredit vereinfacht. ETIKA huet eng Rei Projeten zu Lëtzebuerg finanzéiert, andeem se mat der Spuerkeess zesummeschafft. De Prinzip ass einfach. All Persoun, déi e Spuerkont bei der Spuerkeess opmécht, ka sech fir eng alternativ Epargne décidéieren. Mat esou engem Konto huet een d'Méiglechkeet ze kontrolléieren, wat fir e Projet d'Bank mat engem senge Sue finanzéiert. Den Epargneur verzicht op een Deel vu sengen Interessen, déi dem Bénéficiaire vum Prêt dann zegutt kommen.

De Mikrokredit ass en interessant finanziellt Instrument fir déi Fraen, déi sech selbstständeg maache wëllen. D'Kommissioun invitéiert d'Regierung sech Gedanken ze maachen, iwwer Mikrokreditter als Instrument zur Verwierklechung vun der Chancëgläichheet. An dësem Sënn wëllt ech eng zweet Motioun déposéieren.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- constatant que les femmes sont toujours sous-représentées au niveau de la prise de décision économique;*

*- constatant qu'une participation accrue des femmes au pouvoir économique permettrait d'utiliser toutes les énergies et capacités productives disponibles et constituerait non seulement un facteur d'amélioration des performances économiques, mais également de promotion du statut de la femme et d'égalité entre les sexes;*

*- considérant que la mise en place d'une stratégie cohérente et active en la matière est nécessaire et que celle-ci exige également des actions concrètes favorisant l'entrepreneuriat féminin;*

*- constatant que le principal problème auquel se heurtent les femmes qui souhaitent créer leur propre entreprise est celui de l'accès au crédit;*

*- constatant qu'il existe actuellement un courant en faveur du microcrédit au sein de l'Union européenne et que certaines initiatives se sont développées notamment dans nos pays voisins;*

*- considérant que le recours aux petits crédits peut s'avérer particulièrement efficace dans le contexte d'une activité économique indépendante s'exerçant de manière individuelle et en dehors de besoins infrastructurels marqués;*

*- considérant que la facilitation de l'accès au financement des activités économiques indépendantes peut contribuer à une implication plus importante des femmes dans la création et la gestion d'entreprises;*

*invite le Gouvernement*

*- à intégrer l'aspect de l'accès au financement ainsi que celui des microcrédits dans les discussions du groupe de travail ad hoc que le Gouvernement entend mettre en place sous la présidence du Ministère de la Promotion féminine afin de discuter de la problématique de la création d'entreprises par des femmes.*

*(s.) Ferny Nicklaus-Faber, Marie-Josée Meyers-Frank, Maggy Nagel, Marco Schank, Théo Stendebach.*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et bleift nach vill ze maache fir datt d'Fraen an eiser Gesellschaft déi Plaz kréien, déi hinnen niewent de Männer zousteet. Mir dierfen net mat eisen Efforten noloossen an eis ëmmer nees Gedanke maachen, wéi ee kënnt d'Gläichheet tëschent Männer a Frae promouvéieren. Esou laang dëst Zil net erreecht ass, esou laang brauche mir e Fraeministère an eng parlamentaresch Kommissioun, déi sech mat der Problematik vun der Chancëgläichheet auserneesetzt. Mir zielen do wéi bis elo op d'Ënnerstëtzung duerch eis männlech Kolleegen, op déi déi wäitsichteg a fortschrëttlech sinn an eis dobäi hëllefen eis Ziler ze erreechen. Mir zielen awer och ganz staark, wéi bis elo, op d'Fraenorganisatiounen déi eis hëllefen alle Fraen hei am Land déi beschte Chancen ze garantéieren, an dat am Sënn vun enger echter Demokratie.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als éischt Riednerin ass d'Madame Nelly Stein agedroen. D'Madame Stein huet d'Wuert.

***Discussion générale***

Mme Nelly Stein *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Sujet vun haut läit mer ganz besonnesch um Häerz, an dat ëmsou méi, well ech a menger Funktioun als fréier Buergermeeschtesch ville Leit begéint sinn déi an Nout gerode sinn an déi dréngend op Hëllef vun der Gemeng hu missen zréckgräifen. Leider konnt een net ëmmer hëllefen, oder vläicht dach e bëssen doduercher, datt ee sech Zäit geholl huet fir déi Leit a fir hinnen nozelauschteren. Mä Gott sei Dank konnten awer a ville Fäll Léisunge fonnt ginn, wat fir mech perséinlech ëmmer eng ganz grouss Satisfaktioun an esouguer eng Freed war, wann een de Prinzip an d'Missioun eescht hëlt, datt d'Missioun vum Hëllefen eigentlech d'Quintessenz vun de Gemengeresponsabelen ass.

Ech viséieren heimadder virun allem de Volet vum Logement. Ech wëllt vu menger Riedezäit profitéieren, fir un Hand vun e puer konkrete Beispiller an de Gemengen op dëse Sujet anzegoen a mech an der Haaptsaach um Rapport vun der Egalitéitskommissioun orientéieren. Natierlech wëllt ech menger Fraktiounskolleegin, der Madame Ferny Nicklaus-Faber, villmols merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi si am Kader vun dëser Debatt geleescht huet, an och félicitéiere fir deen excellente schréftlechen a mëndleche Rapport.

Ech denken datt de Rapport eng detailléiert Bestandsopnahm vun der sozialer an ekonomescher Situatioun vun de Fraen zu Lëtzebuerg duerstellt. Och wa mer um Niveau vun der Emanzipatioun vun de Fraen an de leschte Joren a Jorzéngte grouss Fortschrëtter erziilt hunn, an ech géif soen, hei ganz besonnesch Dank dem Fraeministère, déi der Gläichheet tëschent Mann a Fra dénglech waren, esou ass d'Debatt vun haut awer net vu Muttwëll. De Rapport an déi doran enthalen Donnéeë si Fakten déi beleeën, datt haut nach e gutt Stéck Wee ze goen ass. Dofir fannen ech och déi alljährlech Fraendebatt wichteg, a mer sollten dës Chance notze fir op Mëssstänn um Niveau vun der Chancëgläichheet an um Niveau vun der Gläichheet tëschent Mann a Fraen opmierksam ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mer wëssen datt sech d'Situatioun um Lëtzebuerger Wunnengsmaart an deene leschte Joren zougespëtzt huet. Ouni dat elo wëllen ze dramatiséieren, esou muss een dach awer feststellen, datt et fir Familljе mat engem bescheidenen Akommes haut ëmmer méi schwéier gëtt fir eng Wunneng ze fannen, wou se e moderéierte Loyer bezuelen. Vu Kafe kann iwwerhaapt keng Rieds goen, an dëst trëfft virun allem op de Ballungsraum vun der Stad Lëtzebuerg an op de Süde vun eisem Land zou. Dat heescht also do wou sech déi ökonomesch, sozial, associativ a kulturell Aktivitéiten an der Haaptsaach konzentréieren. An d'Perspektiven, datt sech dës Situatioun an de kommende Jore berouegt, gesinn éischter däischter aus, wa mer beispillsweis de Bevölkerungszouwuess a Betruecht zéien.

An dës prekär Situatioun verschäerft sech ëmsou méi fir Familljе mat Kanner, a besonnesch fir Familljе mat engem Elengerzéier. An an de meeschte Fäll sinn et d'Fraen, déi duerch den Doud vun hirem Mann oder Partner, duerch eng Scheedung oder duerch eng Trennung eleng mat hire Kanner zréckbleiwen an hir Wunneng verléieren, well se duerch eng kleng Rent gezwonge sinn hir Wunneng opzeginn. An domat fänkt fir vill Fraen en Däiwelskrees un, en Däiwelskrees dee schwéier ze duerchtrennen ass.

Fir iwwert d'Ronnen ze kommen a fir sech zumindest de Loyer fir e Logement leeschten ze kënnen, mussen dës Frae schaffe goen, wat d'Fro erëm opwerft fir Structures d'accueil ze fannen, déi entweder vun öffentlecher oder vu privater Hand finanzéiert ginn, an am Kontext vun de private Strukturen ass et oft esou datt vill Frae sech dat iwwerhaapt net leeschte kënnen. Et ass wouer, datt an dësem Domän an de leschte Jore ganz vill geschitt ass, an trotzdeem hänkt d'Offer der Demande ëmmer e Stéck hannendrun. Vill Fraen, déi an dës schwiereg Situatioun kommen, hunn och en déiwe Bildungsniveau, komme munchmol aus anere Länner a verstinn dann och eis gewinnte Sproochen net, déi mer eigentlech fir d'Aarbechtswelt brauchen. Et doe sech deemno net ganz vill Méiglechkeeten op fir dës Fraen, déi da schlecht rémunéréierten Aarbechten nogoe mussen. De Salaire geet oft nëmmen duer fir dat allernoutwendegst, an et ass deemno kloer datt de Loyer e groussen Deel vum Salaire anhëlt. Dobäi kommen aner Facteure psychologescher Natur, déi d'Situatioun vun de Fraen nach verschlëmmeren: Isolatioun, Depressioun, Resignatioun sinn déi Gefiller, déi den Alldag vun der eleng erzéiender Fra an esou enger Situatioun begleeden.

Wann d'Gemengen och heiansdo - ech soen heiansdo - d'Méiglechkeet hunn eng Noutënnerkonft fir d'Iwwergangsphas proposéieren ze kënnen oder wann d'Fraen eventuell an anere Strukturen ënnerkomme kënnen, esou sinn dëst awer keng dauerhaft Léisungen. Ech brauch nëmmen d'Beispill vu menger Gemeng ze huelen - an et sëtze genuch Gemengepappen a -mammen heibannen, déi mer dat sécher net kënne falsch maachen -: Zu Schëffleng eleng hu mir eng Dose Leit, déi de Moment ganz dringend eng Wunneng bräichten. Et ass awer keng fräi. Da kann ee soen: Da soll d'Gemeng duerfir suergen.

Ech muss awer soen, datt d'Gemeng Schëffleng net déi Gemeng ass, déi net fir sozial Wunnenge gesuergt hätt. Mir si souguer an deene leschte Joren dozou iwwergaangen, dass mer a Sozialwunnengen, déi fir eeler Leit bestëmmt sinn, den drëtten an de véierte Stack geholl hu fir jonk Familljen oder Erlengerzéier mat Kanner, awer nach ëmmer geet et net duer. Dobäi hu mer e Fonds du logement zu Schëffleng, wou sécher, ech weess et net, op 60 bis 70 Wunnenge sinn.

E krasst Beispill ass, an dat deet mer haut nach wéi, mä mir hunn awer Gott sei Dank eng Léisung fonnt oder si ass no bäi: Do hu mer eng Fra mat véier Kanner, déi op der Strooss wier, a mir hate keng esou grouss Wunneng - et muss ee jo och wëssen, datt ee se net kann iergendwéi an en Zëmmer eraperchen -, do hu mer se an eis Noutwunneng gesat, déi mer ëmmer fir Katastrophefäll hunn. Déi Fra sëtzt awer elo schonn annerhalleft Joer do. D'Fra géif eraus goen, mä si fënnt näischt. Si huet gesicht, an ech sinn Zeien datt si op de Wunnengsmaart siche gaangen ass, mä soubal wéi se seet „véier Kanner", da fënnt se keng Wunneng.

D'Gemeng huet elo eng Léisung gesicht, mä dat kann een net ëmmer maachen. Mir maachen elo aus zwou Wunnengen eng, mä dat heescht datt mer aus deenen zwou Wunnengen déi Leit erëm mussen délogéieren an an eng aner Wunneng setze mussen. Dat alles brauch Zäit. D'Fra, déi gedëlleg ass, kritt awer elo déi Wunneng. Ech géif denken an deem nächste Mount misst dat geritzt sinn, mä do gesäit ee wéi onméiglech et fir verschidde Familljen ass fir iwwerhaapt ënnerdaach ze kommen.

Ech géif soen hei ass de Stat gefuerdert fir sech dësem Problem an engem globale Kader unzehuelen an iwwert déi vereenzelt Moossnamen, déi mer zum Deel an der Kommissioun abordéiert hunn, eraus ze goen. Ech wëll awer soen: Net nëmmen de Stat, och d'Gemenge mussen duerfir suerge genügend Wunnengen zu soziale Loyeren ze schafen.

Wuel hëlleft de Stat scho ganz vill, mä mir wëssen alleguerten, dass vill Leit net an de Genoss kënne komme vun dëse staatlechen Hëllefen, well dës Hëllefen adresséiere sech an éischter Linn un déi Stéit, déi sech en Eegenheem oder eng Wunneng kënne kafen, an un déi Stéit mat engem nidderege Loun, déi Locataire sinn an enger Sozialwunneng mat engem Loyer, dee sech hirem Loun upasst.

Eng aner Kategorie, déi an de Genoss vun esou enger Hëllef komme kann, ass déi déi den RMG bezitt. All déi aner Stéit, déi net an der Lag si fir sech en eegent Logement ze kafen an och net kënne vum Loyerszouschlag am Kader vum Mindestloun profitéieren an déi doriwwer eraus keng Wunneng vum soziale Wunnengsbau kréien, well der net genuch do sinn, stinn ouni Hëllef do. An dësem Fall si si meeschtens gezwongen eng Wunneng um fräie Maart ze lounen, mat engem Loyer deen hire Salaire sprengt.

Vläicht kéint d'Madame Minister eis iwwer hir Siicht zu dëser Thematik eppes méi soen a wat si och eventuell mam Minister Fernand Boden ënnerhëlt fir dëser Situatioun bäizekommen.

Ech wëll awer nach eng Kéier betounen, datt et sech hei nëmmen ëm e puer cibléiert Moossname kann handelen. D'Recht op eng Wunneng ass e Mënscherecht. D'Fro vum Wunnengsmaart muss dofir virun allem am Kader vun der sozialer Ausgrenzung vun de Betraffenen a besonnesch vun de concernéierte Frae mat Kanner beliicht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Chance fir dëser Fro nozekomme besteet sécher bei der kommender Orientéierungsdebatt iwwert de Logement, déi an den nächste Wochen an der Chamber wäert stattfannen. Ech denken, datt mer déi Politik musse konsequent verfollegen, déi am Programme d'action logement vun der Regierung virgezeechent ass. Ouni dem Rapport vun der Commission des Classes moyennes du Tourisme et du Logement wëlle virzegräifen, esou wéilt ech awer just eng vun de Konklusiounen aus dem Rapport ervirhiewen, déi d'Schafung vu Logementer zu engem moderéierte Präis als prioritär Moossnam ugesäit.

Ech hoffen, datt mer am Kader vun där Debatt am Detail op dës Thematik zréckkomme wäerten a mat dësem Appel wëll ech meng Interventioun zu Enn bréngen.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch virgesinn. D'Madame Mutsch huet d'Wuert.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir konnte fir d'Zu-Stane-Komme vun dëser Debatt op eng Dokumentatioun zréckgräifen, déi, mengen ech, hiresgläiche sicht. Rare virdru konnt e Rapport op Basis vun esou vill Material gemaach gi wéi op deem Material wat eis Kommissioun dës Kéier zur Verfügung hat: CEPS, Caritas, Croix-Rouge, Banque mondiale, Ministèren, Beruffskummeren, Conseil national des femmes, Centres de recherche, Charte de Rome, Nations unies an esou weider. Mir haten onheemlech vill Quelle fir eis ze dokumentéieren.

De Rapport vun der Kommissioun, wéi en eis an der Form wéi mer e kenne virläit, beschränkt sech virun allem op eng Analys vun deenen Documents de base. E mécht e gudde Résumé vun der Situatioun a geet souguer a Richtung vun enger deelweiser Auswäertung vun deenen Donnéeë fir domadder e Bezuch op eis Lëtzebuerger Situatioun ze huelen. Eng kleng Fläissaarbecht also, déi sech mat deene villen allgemenge Remarke wéi „définir la place de la femme au sein de la société, apprécier les progrès accomplis et tracer le portrait socio-économique des femmes" an esou weider an deem Rapport, deen 53 Säiten huet, op all Säit ausdréckt.

Eng kleng Fläissaarbecht hunn ech gesot, awer leider och net vill méi wéi eng kleng Fläissaarbecht, well Säit 35 vun deem Rapport, dee wéi gesot 53 Säiten ëmfaasst, gëtt dann eng Konklusioun vun der aktueller Situatioun gemaach an do steet dran, ech zitéieren: „Il résulte de ce qui précède que toute société a à gagner d'une participation pleine et entière et d'une représentation égalitaire des femmes dans tous les domaines. Or, une telle participation et représentation appellent la mobilisation de toutes les forces vives de la nation en faveur d'une promotion continuelle du statut socio-économique de la femme."

Et bien, no 35 Säiten hätt ee sech do vläicht méi als Konklusioun vun der Bestandsopnahm erwaart. Zumindest ass dat näischt fir eisen Hären heibannen oder op anere politesch wichtege Plazen d'Schweesspärelen op d'Stir ze bréngen, datt mer elo géifen heibanne lassleeën.

Beim Etat des lieux kréie mer gesot mir hätten e Bilan globalement positif oder mer kréie gesot: „Actions et mesures concrètes adoptées en vue de promouvoir l'égalité n'ont pas réussi à éliminer toutes les discriminations". Dat konnte mer eis scho bal denken, dass et net duer gaange war, well soss wiere

mer wahrscheinlech méi wäit wéi mer dat sinn. Dat heescht, wann een esou eng Behaaptung opstellt déi Mesurë wieren net duer gaangen, da kann ee just soen: Dat ass dat mannst, wat ee ka soen.

Mir hunn am Moment d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg, dass 41% vun de Lëtzebuerger Fraen nëmme Primärschoulofschloss hunn. Bei de portugisesche Fraen, fir nëmmen dee Grupp erauszehiewen, sinn et iwwer 70%. Et bien, wann een do ka soe Bilan globalement positif, ech weess et jo net. 54% vun RMG-Empfänger si Fraen. Bei de Fraen iwwer 60 Joer sinn et bal 70%. D'Frae verdéngen am Duerchschnëtt 28% manner wéi hir männlech Kolleegen. Den Taux de chômage loung schonn 2000 - ech hunn déi aktuell Chifferen nach net mat verschafft, well se zum Deel nach net confirméiert sinn - bal duebel esou héich wéi d'Zuel vun hire männleche Kolleegen, ouni d'Donkelzifferen iwwerhaapt mat anzebezéien, déi bei der Fraenaarbechtslosegkeet vill méi héich ass wéi bei der Männeraarbechtslosegkeet.

Bal 25% vun den elengerzéiende Frae leien ënnert der Aarmuttsgrenz wéi se am Rapport definéiert ginn ass. Iwwert 20% vun de Frae mat Conjoint an och mat Kanner, déi net beruffstäteg sinn, leien ënnert där Aarmuttsgrenz. Den Taux d'emploi féminin mat 40,2% ass ee vun deenen niddregsten a ganz Europa. Mir sinn op der fënneftleschter Plaz. Um EU-Gipfel zu Lissabon krute mer als Zilvirgab 60% bis 2010. Wéi mer do sollen hikommen, ech kann dat am Moment nach net ofschätzen, op alle Fall net opgrond vun den Aussoen am Rapport.

Da bei de Femmes dans la prise de la décision: Bilan globalement positif. Menger Meenung no net. 16,7% Fraen an der Chamber. Mir haten d'Chance fir déi schwedesch Ambassadrice bei eis an der Kommissioun ze hunn an och den Ombudsmann, dee sech a Schwede fir all Froe vun der Gläichstellung vu Mann a Fra asetzt. A Schwede si mer bei 46%. Ech wëll net soen, dass mir elo vun enger Woch op déi aner op 46% komme mussen, mä et soll ee just wësse wou d'Lat leie kann. Bei 46%.

Mir hu keng Fra am Büro vun der Chamber. 9% vun de Buergermeeschtere si Frae bei eis am Land. 29% vun de Kandidature ware bei de leschte Wahle Fraekandidaturen. Déi Wahlen virdru waren et der 28%. Bilan positif? Dat ass Interpretatiounssaach.

10% Fraen an de Gemengeréit.

***(Interruption)***

Glift?

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- Fofzéng.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).*- Dann ass dat awer ganz nei, Madame Minister.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- Esou ass et zënter deene leschte Gemengewahlen.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).*- Da musse mir dat nach eng Kéier vergläichen. Ech hat gemengt et wieren 10%, mä och 15% wieren der nach net genuch. Awer merci.

***(Interruption)***

Gutt! Tëschent 10 a 15% Representatioun vun de Fraen an de Gemengeréit, dat ass, mengen ech, net déck an dat ass awer och net wäit ewech vum Status quo, wann een eis vergläicht mat de leschte Wahlen.

Dausende vun Demandë leie fir op nationalem Plang - fir elo net an d'Regiounen ze goen - fir Structures de garde, virun allem vu Ménages monoparentaux awer och vu beruffstätege Koppelen. Dofir géif ech zumindest wëllen déi Ausso, dass mer e Bilan globalement positif bei deenen Aktiounen hätten, déi an deene leschte Jore geschitt wieren, contestéieren. Meng Virriednerin, déi zum Logement geschwat huet, huet dat eigentlech nëmme confirméiert an am leschte Rapport vum Conseil économique et social, dee vu bal 7.000 Wunnengen zu erschwéngleche Präisser geschwat huet, déi géife feelen, geet och alles an déi dote Richtung.

Elo sinn ech awer e positive Mënsch an dofir hunn ech dat och positiv interpretéiert, wat am Rapport stoung, dass mer d'accord wiere fir „les actions et mesures concrètes adoptées en vue de promouvoir l'égalité, du moins certaines d'entre elles, méritent d'être renforcées, complétées et/ou revues". D'Ouverture ass do. D'Richtung ass ageschloen an et ginn dann och déi Beräicher genannt an deenen dat soll geschéien: an der Dimension du genre, der Protection sociale, dem Marché de l'emploi an op dem Niveau Prise de décision économique a politique. Et ass méi allgemeng gehalen.

Bei de Virschléi, déi elo ausgeschafft ginn, invitéiert d'Kommissioun d'Regierung, zum Beispill am Kader vun de Mesures de réemploi, ech zitéieren: „Remboursement avantageux de la quote-part de l'indemnité par exemple au niveau des contrats d'auxiliaire", dat si 40%, déi do u Frae ginn, bäizebehalen, fir esou d'Occupatioun vun deem ënnerrepresentéierte Geschlecht, also an deem Fall de Fraen, ze favoriséieren.

Dozou ass ze soen: De Gesamtbudget - an ech hoffe Madame Minister, dass ech elo dës Kéier déi richteg Zuel hei hunn - vum Ministère mécht 7,5 Milliounen Euro aus. En ass ferme an d'Luucht gesat ginn, wat eng gutt Geschicht ass, allerdéngs si just 262.395 Euro fir d'Promotion du travail féminin. Dat sinn eppes méi wéi 3% vum Gesamtbudget, wéi zum Beispill d'Mesures en faveur de l'égalité de traitement, Emploi et revalorisation des ressources humaines a Subsides pour mesures novatrices dans l'intérêt de l'emploi des femmes. Dat geet eiser Meenung no net duer fir elo offensiv d'Situatioun vun der Fra um Aarbechtsmaart ze verbesseren. Elo äntwert Der mer vläicht: Ma jo, dat si jo och net déi eenzeg. Dozou kommen ech nach.

Et gëtt dann och Bezuch geholl op déi bestoend Mesuren, déi elo schonn zum Droe konnte kommen. Et gi folgend Mesuren do opgezielt. D'Campagnes de sensibilisation misste méi regelméisseg kommen. Et gëtt vum Rôle vum Observatoire geschwat, deen zënter 1998 fonctionnéiert. Et gëtt vun de Services d'accueil jour et nuit fir Femmes en détresse geschwat, wou jo e groussen Deel vum Budget vum zoustännege Ministère opbruecht gëtt, also vum Ministère pour la promotion féminine. Et gëtt vun Actions a Campagnes médiatiques d'information geschwat an et gëtt och vun der Mise en place d'organes de l'égalité geschwat, zum Beispill um Gemengenniveau vun engem Délégué à l'égalité des chances oder enger Commission consultative. Do hunn ech mech gefrot firwat de Service à l'égalité des chances net dobäi stoung. Wahrscheinlech well jiddferee weess, dass et annerhalleft Joer dauert bis een en iwwerhaapt accordéiert kritt, mä dat stéing trotzdeem gutt hei dobäi.

Fazit ass deen: Natierlech si Campagnes d'information wéi zum Beispill d'Sensibiliséierungscampagne „Partageons l'égalité" ganz wichteg fir déi Iddi vun der Egalité des sexes an der Opinion publique méi fest ze verankeren oder iwwerhaapt eréischt ze etabléieren. Eiser Meenung no missten awer elo siwe Joer no der Inauguratioun vum Ministère de la promotion féminine méi zousätzlech Mesurë concrétiséiert gi mat sougenanntenen Actions de fond, déi d'Verankerung vun der Chancëgläichheet an alle Beräicher vun eiser Gesellschaft erméiglechen, souwuel um beruffleche Plang wéi am Privatliewen, an der Vie associative oder beim Engagement volontaire vun de Fraen.

Mir hunn dann nach eng Rei vu konkrete Virschléi am Rapport beim Exkurs iwwert d'Structures d'accueil, wou ech herno nach kuerz dozou kommen, mä deen awer relativ zréckhalend ass an den Aussoen. Dee konkreteste Virschlag, dee sech op iwwer dräi Säiten erauszitt, ass de Virschlag vu Mikrokreditter als Outils de financement fir Fraen, déi eng Entreprise kreéiere wëllen. Do ginn eng Rei vun Ausféierunge gemaach, eng Rei vun Descriptifs, an déi Microfinance als Instrument beschriwwen, déi en Intérêt certain fir d'Fraen hätt.

Als Konklusioun vun deem Exkurs iwwert déi Microfinance gëtt da gesot: „Il y aurait lieu non seulement de réfléchir à l'utilisation plus soutenue des différents types de microcrédits" - ech iwwersprangen dann dräi, véier Wierder - „mais également de réfléchir à leur utilité en tant qu'instrument de promotion du statut de la femme". Dat ass dann den Ofschloss vun deem Kapitel.

Bon, d'Kommissioun encouragéiert dann dat, wat se nennt une telle réflexion, a fuerdert d'Regierung op - an da kënnt et - „à intégrer cet aspect dans les discussions". Domat wiere mir souguer bei deem konkreteste Virschlag net esou ganz vill weiderkomm. A wat ass dann d'Konklusioun vum Gesamtrapport, deen op der Säit 53 vun 53 Säite steet? Do wéilt ech gären d'Konklusioun zitéieren, well ech se awer interessant fannen: „La société est en phase avec les avancées les plus hardies de la connaissance, qu'elle le soit également avec la condition féminine en se débarrassant du reste de conservatisme archaïque qui la caractérise encore." Dat ass jo awer ganz kämpferesch.

Ech géif awer bal behaapten, dass et kee klenge Rescht vu Conservatisme hei am Land gëtt, mä dass et nach e grousse Bagage, e grousse konservativen Donschtschleier hei am Land gëtt. Fir eis dovunner ze befreien, mengen ech, geet et net duer fir eng Konklusioun an e Gesamtrapport ze erstellen, mä ech menge fir eis vun deem Konservativismus ze léise misste mir eis vun der aktueller Regierungskoalitioun trennen a probéieren et besser ze maachen, Madame Minister.

Ee vun den Haaptschlëssele schéngt eis, souwuel...

***(Interruption)***

Glift?

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- Ech kann awer démissionnéieren, wann Der wëllt.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).*- Iwwerdreift elo net, Madame Minister. Dir sidd net déi Schlëmmst, déi do ass.

***(Interruptions diverses)***

Ee vun den Haaptschlësselen, souwuel fir d'Roll vun der Fra an der Gesellschaft ze festege wéi fir eng beschtméiglech Preventioun géint de sozialen Ofstieg, géint de Misär a géint d'Onselbststännegkeet vun der Fra am Beruffsliewen, ass d'Beschäftegungsquot vun de Frae probéiere konsequent eropzesetzen.

Mir ass net bekannt, mä ech loosse mech gären do beléieren, dass eist Land eng national Zilvorgab hätt wéi a mat wat fir enger Strategie a virun allem mat wéi engem Mooss-namekonzept mir déi 60%-Bedeelegung vun de Fraen um Beruffsliewe bis 2010 wëllen erreechen, esou wéi se um EU-Gipfel als Richtlinn vereinbart ginn ass: Stéchwuert besser Aarbechtsplaze fir Fraen, Stéchwuert Aarbechtsbedingungen, Stéchwuert Kannerbetreiungsariichtungen, Stéchwuert Vereinbarkeet vu Schoul- an Aarbechtszäiten, Stéchwuert finanziell a sozial Ofsécherung.

Firwat soll eis Absicht d'Beruffstätegkeet vun der Frau eropzesetzen eng absolut Prioritéit genéissen? Schonn als Co-rapporteur vun der Gläichstellungskommissioun zum Budget hat ech am Co-rapport probéiert déi Mesuren opzelëschten, déi et dann och erméiglechen, dass d'Egalité des chances, an engem fortschrëttleche Land wéi Lëtzebuerg et ass, och e Gradmesser ass, wann et drëm geet fir d'Bedeelegung vun de Fraen um Beruffsliewen ze moossen. Och dat ass e Stéck fir méi no un d'Egalité des Chances ze kommen, wann et engem geléngt d'Frae méi ze mobiliséieren, fir sech am Beruffsliewen ze engagéieren.

Mir hate schonn 1997 eng Debatt an der Chamber iwwert d'Situation des femmes au sujet du travail des femmes. Dat war eng interessant Debatt. Do goufe ganz interessant Pisten opgefouert, zum Beispill am Zesummenhang mat der Educatioun, mat der Garde vun de Kanner, mat den Infrastrukturen déi dorunner hänken, am Zesummenhang mat der Formation professionnelle initiale et continue, am Zesummenhang mat der Réintégratioun vun de Fraen an d'Beruffsliewen an aner Mesuren, déi eis eisem Zil fir d'Frae verstäerkt an d'Beruffsliewen ze réintégréiere géife méi no bréngen. De Gros vun hinnen ass nach ëmmer ganz gutt a se gëllen och nach ëmmer als Leitlinne fir eisem Zil méi no ze kommen. Mir sinn allerdings net wäit genuch komm an eisen Absichten, och wann den Taux an der Tëschenzäit an d'Luucht gaangen ass, allerdings net esou wéi ee sech dat hätt kënnen erhoffen. Dobäi geet et net nëmmen ëm eng Nécessité démocratique, mä et geet och ëm eng Nécessité économique. Déi rezent wirtschaftlech Entwécklung, déi geet op alle Fall net konträr an déi Richtung.

E Land wéi Lëtzebuerg däerf sech net méi laang net op de Potenzial vun der Main-d'oeuvre féminine beruffen, dat heescht si ka sech et einfach net méi erlaben nëmmen op de Savoir-faire an op d'Kompetenz zréckzegräifen, och wann et ëm de wirtschaftleche Plang geet.

Mir hate jo d'Chance, an ech wëll dat ausdrécklech ervirhiewen an och positiv ervirhiewen, ganz interessant Gespréichspartner an eiser Gläichstellungskommissioun ze hunn a ware beandrockt, dat ass wahrscheinlech jo näischt Neies, wat ech hei soen, wann ee Besuch huet vu Vertrieder vu skandinavesche Länner. Mir haten elo kierzlech den Ombudsmann vun der schwedescher Regierung bei eis, deen e bëssen esou e Rôle de coordinateur bei hinnen huet.

Mir haten och d'Chance, wéi ech dat d'éinescht scho gesot hunn, d'schwedesch Ambassadrice bei eis ze hunn, an do koum am Fong eraus, dass et relativ egal ass - ech wëll dat elo nuancéiert soen - a wéi engem Ministère sech mat Froe ronderëm d'Intégratioun vun der Fra an hiert Beruffsliewe sech beschäftegt gëtt. Et kann à la rigueur esouguer de Ministère de l'Economie sinn, de Ministère du Travail oder de Ministère de la Famille. Dat ass eigentlech egal. Et muss just ee Ministère ginn, deen e Rôle de coordination kann hunn an och e Rôle de concertation, fir et ze erlaben eng vernetzte Planifikatioun ze maachen. Wéi et elo net de Fall ass.

Zu Lëtzebuerg ass zum Beispill, ouni dat elo wëlle péjorativ ze soen, well et ass eng wichteg Saach, d'Hëllef fir Femmes en détresse oder fir Fraen a besonnesch schwéiere Liewenssituatiounen d'Prérogative vun dem Ministère de la Promotion féminine, wat sech schonn eleng doduerch erëmspigelt, dass bal dräi Véierel vum Budget an esou Begleetmesuren oder Infrastrukturen investéiert ginn. Dat ass eng wichteg Saach, allerdings ass et esou, fir nach ee Moment bei deem Beispill ze bleiwen, fir d'Frae besser, verstäerkt a méi schnell an d'Beruffsliewe sech ze intégréieren. Dat ass keen ausdrécklechen Objet, op alle Fall net wann et drëm geet, deen Objet fächergräifend ze behandelen, et ass kee prioritären Objet vun eisem Ministère de la Promotioun féminine. De Ministère huet keng oder nëmme wéineg Emprise op d'Planifikatioun, ob dat elo ëm den Aménagement vu Kannerbetreiungsinfrastrukture gee, oder ob et ëm d'Formation initiale a continue geet. Fir nëmmen déi ze nennen.

Ech hunn éineschters gesinn eng Rei vu Leit de Kapp rëselen, wéi hei gesot ginn ass, et kéint och een anere Ministère sinn, well mir si jo hei zu Lëtzebuerg eigentlech der Meenung, dass et misst de Ministère de la Promotion féminine sinn. Ech fannen et dofir ganz bedauerlech, well et tatsächlech esou kéint sinn, well grad dee Ministère besonnesch gutt placéiert ass an e besonnesch gudden Know-how huet - ech bezweifelen dat guer net - fir kënne konkret a realistesch Proposen ze maachen, ganz einfach well déi Persounen, déi an deem Ministère beschäftegt sinn, ganz vill um Terrain aktiv sinn, och oft aus Milieue komme wou se scho bewisen hunn, dass se den Terrain gutt kennen, an och Fraen a verschiddene Liewenssituatioune gutt genuch kenne geléiert hu fir kënne Mesuren en connaissance de cause ze proposéieren.

Datselwecht gëllt zum Beispill fir spezifesch Mesuren am Kader vum PAN-Gesetz. All d'Acteure rassembléieren, Synergië maachen, eng enk Zesummenaarbecht tëschent deenen ënnerschiddleche Ministèren, wou mer am Moment vill Ministèren hunn déi Kompetenzen hunn zu deem dote Sujet, zum Beispill d'Famille fir d'Structures de garde, oder d'Ekonomie fir d'Orientation générale, och den Aarbechtsministère fir alles ronderëm de Marché de l'emploi.

Esou en Usproch géing och éischter dem Konzept vum Mainstreaming entspriechen, deen et erlabe soll, all Aspekt ronderëm d'Situatioun vun der Fra an engem Gesamtprozess vun der Prise de décision anzebannen. Ech mengen aneschters kann et och net goen.

Eleng schonn d'Tatsaach, dass et véier Haaptfaktore gëtt, déi kënnen hei am Land zu Aarmutt féieren, esou wéi et definéiert ass am Rapport a wéi et och elo vun der Presidentin skizzéiert ginn ass, nämlech d'Feele vun enger rémunéréierter beruffleche Aktivitéit, de Statut vum Elengerzéier, d'Presenz vu Kanner an engem Stot nom Eraustriede vun der Fra aus dem Beruffsliewen an den niddrege Formatiounsniveau, eleng schonn d'Tatsaach, dass et déi véier Haaptfaktore gëtt, misst Encouragement genuch si fir der Fro ronderëm den Emploi féminin eng Priorité absolue zouzesécheren, net nëmme fir dem sozialen Ofstieg vun de Fraen entgéint ze wierken an entgéint ze trieden, mä och fir der Egalité de fait e Stéck méi no ze kommen.

D'finanziell Onofhängegkeet vun der Fra ass noweislech ontrennbar mat der Méiglechkeet hiert Liewen als Fra selwer ze bestëmme verbonnen. Et ass an dësem Haus an och op anere Plaze schonn oft a vill iwwert de Mangel u Betreiungsstrukture fir Kanner geschwat ginn. Den Déséquilibre tëschent dem Opdeele vun der Charge familiale an dem Mangel u Structures de garde ass ganz oft d'Uersaach firwat Fraen deelweis oder ganz en définitive ophale mat schaffen. Eng besonnesch Opmierksamkeet sollte mer an deem Kontext de Femmes rentrantes zoukomme loossen.

Am Kloertext, wann een d'Aarbecht vun de Fraen oder d'Intégratioun an d'Réintégratioun vun de Fraen an d'Beruffswelt wëllt ënnerstëtzen a förderen, da muss een, do laanscht kënnt een net, parallell Structures d'accueil développéieren, a wann et nëmmen iergendwéi geet schnell développéieren. Dobäi sollt een am Besonneschen och d'Öffnungszäiten an d'Betreiungsméiglechkeeten ausserhalb de Schoul- a Betreiungszäite mat berücksichtegen.

Déi Gemeng, wou ech mech am beschten auskennen, nämlech Esch, setzt op Ganzdagsbetreiung. Firwat Ganzdagsbetreiung? Ganz einfach well an deem Kontext et besonnesch wichteg ass fir d'Fra an enger beruffstäteger Koppel, also als ee vun de beruffstätege Partner, fir d'Fra monoparentale, fir déi e Précoce, fir nëmmen deen elo als Beispill ze nennen, deen oft als Allheelmëttel fir schoulesche Mësserfolleg, fir Intégratioun a fir all méiglech sozial Atouten duergestallt gëtt, eigentlech net vill fir déi Sparte vu Leit brëngt, wann en net e ganzen Dag oder wéinstens en halwen Dag offréiert gëtt, well da kann ee sech jo nach organiséieren. Däers sollt ee sech och kloer sinn, wann een doriwwer schwätzt, an däers sollt ee sech och kloer sinn, wann een iwwer Ganzdagsbetreiung am Zesummenhang mat der Diskussioun ronderëm de Précoce schwätzt, well soss ass eis och an där doter Diskussioun, zumindest wann et ëm eng besser Intégratioun vun der Fra an d'Beruffsliewe geet, net onheemlech vill gehollef.

Eis Partei wäert an deenen nächste Wochen a Méint ronderëm sozial Debatten, ronderëm Diskussiounen iwwert d'Wunnengsmaartpolitik, zum Beispill an deem Débat, dee mer elo kréien iwwert d'Politique du logement vun eiser Regierung, konkret Virschléi ronderëm aktuell an zukünfteg Mesurë brëngen, ronderëm Mesures de sécurité sociale, ronderëm Mesures de fiscalité, ronderëm de Logement, ronderëm Infrastructures de garde a ronderëm all méiglech Regelen, déi et sollen erméigleche fir en allgemengt Aarbechts- a Sozialëmfeld ze kréien, wou sech net nëmmen dat Gesamtëmfeld ännert, mä wou sech och virun allem d'Prémissen änneren, fir dass sech d'Fra och an deem Ëmfeld ka bewegen a behaapten.

D'Debatt vun dësem Joer, wéi och d'Debatt vun all deenen anere Joren, kann eiser Meenung no nëmmen e Sënn hunn, wann een eng Strategie développéiert, wann een e konkreten Aktiounsplang opstellt, wann een en nach méi konkreten Zäitplang opstellt, wéini een deen Aktiounsprogramm wëll realiséieren.

An da soll eis Chamber dat an där Debatt maache wat se an esou enger Situatioun am allerbeschte kënnt, nämlech vu Joer zu Joer als Kontrollgremium kucke wat erreecht ginn ass, wéi et erreecht ginn ass a wéi eng zousätzlech Instrumenter ee sech ka ginn, fir esouwuel déi Mesuren ze erreeche wéi och deen Zäitplang, deen ee sech opgestallt huet, anzehalen. Well dat eiser Meenung no net ginn ass, net gi war an deene leschte Joren an och net ginn ass an dësem Joer, hu mir bewosst drop verzicht fir Motiounen anzebréngen a soen awer trotzdeem merci fir d'Opmierksamkeet, op alle Fall déi, déi ech elo scho kritt hunn.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Maggy Nagel agedroen. D'Madame Nagel huet d'Wuert.

Mme Maggy Nagel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Gesellschaft befënnt sech säit enger Rei vu Jorzéngten an engem rasante Wandel. D'Liberaliséierung grosso modo, mä och d'Vitesse an där sech déi allgemeng Liewensëmstänn développéieren, spigele sech net nëmmen an eisem traditionelle Familljebild erëm. Och d'Bild vun der Frau an d'Bild vum Mann, d'Verhältnis tëschent de Geschlechter, hu sech am Laf vun deene vergaangene Jorzéngten déifgräifend verännert.

Als Illustratioun vun dëse Veränneerunge wëllt ech Iech e puer Beispiller aus dem Code civil zitéieren, Beispiller déi haut am Joer 2003 méi oder wéineger pittoresk kléngen, mä ganz däitlech weise wou sech d'Frae virun net allze laanger Zäit an eiser Gesellschaft nach situéiert hunn. Huele mer zum Beispill den Artikel 1124, dee besot huet: „Les incapables de contracter sont les mineurs, les interdits et les femmes mariées". Oder d'Artikelen 229 an 230: „Le mari pourra demander le divorce pour cause d'adultère de sa femme", a bei de Fraen allerdéngs huet et geheescht: „La femme pourra demander le divorce pour cause d'adultère de son mari, lorsqu'il aura tenu sa concubine dans la maison commune".

Dës an aner Artikelen aus dem Code civil sinn eréischt an de 70er Jore geännert ginn.

Mat deenen zwee Gesetzer vum 12. Dezember 1972 an dem 4. Februar 1974 iwwert d'Rechter an d'Flichte vun der Fra, respektiv der gläichberechtegter Administration des biens vun enger bestuetener Koppel, ass mat Sécherheet dee gréisste Wandel vun der Situatioun vun der Fra an eiser Gesellschaft agetrueden. Un Hand vun dëse Beispiller wëll ech och ganz kloer weisen, datt d'Politik vun deene leschte Jorzéngten oft nëmmen eng Reaktioun op Veränneerungen an der Gesellschaft a vun der Positioun vun der Fra an der Gesellschaft wor.

D'Demokratesch Partei awer gesäit d'Roll vun der Politik esou, datt si d'Condition féminine definéiert an hëlleft weider entwéckelen, fir op dës Manéier aktiv politesch Moosssténn ze setzen anstatt enger gesellschaftlecher Entwécklung einfach hannendrun ze lafen.

Här President, d'Politik vun haut huet an deene leschte Joren oft ënner Beweis gestallt, datt si net wëllt hannendru lafen. Si huet Initiative geholl, déi e grousse Schrëtt no vir fir d'Frae bedeiten. Am PAN-Gesetz vum 12. Februar 1999 gouf d'Hallefdagsaarbecht nei definéiert. D'Entreprisë mussen allerdéngs nach méi ënnerstëtzt gi fir datt si méi intensiv op dëse Wee kënne goen.

A puncto Sozialversécherung denken ech méi spezifesch un d'Unerkennung vun de Babyjoren oder un d'Gesetz vum 28. Juni 2002, wat de Forfait d'éducation an d'Ausdehnung op dräi Joer vun den Erzéiungsjoren agefouert huet.

Mä och d'Ënnerscheeder vum Rentendësch, oder vill méi d'Entscheedunge vum Rentendësch fir d'Renten erop ze setzen, an d'Hongerrenten esou gutt et geet aus der Welt ze schafen, wore wichteg Initiativen. Initiativen, Här President, déi virun allem deene Fraen a Mammen zegutt koumen, déi net d'Chance haten an enger moderner Gesellschaft grouss ze ginn, wou d'Meedercher an déi jonk Fraen d'Méiglechkeet hunn ze studéieren an e selbstständegt Liewen ze féieren.

Wa mir vun enger aktiver Promotion féminine schwätzen, dierfe mer net dës Frae vergiessen an all Initiativ, déi an dësem Sënn geholl gëtt, muss ënnerstëtzt ginn.

Et ass deene vergaangene Generatiounen ze verdanken, datt d'Fra haut gréisstendeels de Choix huet dat Liewen ze féiere wat si sech virstellt, sief dat doheem an der Famill oder sief dat um beruffleche Plang.

Mam Risiko d'Wierder vun der Madame Rapportrice ze widderhuelen - ech wëll eng Klamer opmaachen, wollt ech félicitéiere fir hiren excellente mëndlechen a schréftleche Rapport -, wëll ech dofir kuerz op déi aktuell sozio-ekonomesch Situatioun vun der Fra an eiser Gesellschaft agoen.

Enn der 60er an Ufank der 70er Jore woren nëmmen 30% vun der aktiver Bevölkerung Fraen. Haut, 30 Joer méi spéit, läit dëse Prozentsaz bei 51,7%. D'Zuelen, déi eis am Beräich vun de Studien zur Verfügung stinn, schwätzen eng nach vill méi däitlech Sprooch.

1984/1985 goufen et nëmme 37% Studentinnen, haut ass d'Paritéit vun de Geschlechter erreecht. Dat weisen och d'Zuelen iwwert déi staatlech finanziell Studienënnerstëtzung, wou 50,9% vun de Fraen an de Genoss vun enger finanzieller Ënnerstëtzung kommen. D'Tatsaach ass och, datt net nëmme gläich vill Meedercher a Jongen an eise Lycéeë sinn, mä d'Meedercher ënner 30 Joer, déi mindestens e Bac+3 besëtzen, hu mat 20,2% vis-à-vis vun 18,4% bei de Jongen e vill méi héijen Taux de Réussite.

Och um politesche Plang kann een eng identesch Evolutioun feststellen. Et ass scho gesot ginn, tëschent 1965 bis 1999 ass d'Zuel vun de Fraen am Parlament vun enger op zéng geklommen. En Drëttel vun hinne sinn haut an der Regierung.

Här President, ech hunn Iech dës Zuele genannt fir däitlech ze ënnersträichen, datt déi Fraen, déi sech entscheet hu politesch oder berufflech ze réusséieren, duerchaus an der Lag sinn eng Carrière opzebauen, esou wéi hir männlech Kontrahenten.

Méiglechkeete bestinn, an datt d'Fraen d'Potenzial hunn ze réusséieren, egal op wéi engem Plang, stellt hautdësdags wuel kee méi a Fro. D'Fakten um Terrain sinn also do a si loossen och keng Zweifel iwwert déi weiblech Presenz an alle wirtschaftleche Sparten zou. An awer, trotz dësen Zuelen, trotz dëse Gesetzer, déi déi verschidde Regierunge geholl hunn, kommen déi kritesch Stëmmen, déi sech haut wéi gëscht mat Vehemenz fir d'Förderung vun der Egalitéit tëschent de Geschlechter asetzen, nach net zur Rou. Un dëser Stell wëll ech däitlech betounen, datt d'Demokratesch Partei, no beschtem Wëssen a Kënnen dës Stëmmen ënnerstëtzt. Awer ech wëll och genau esou däitlech drop hiweisen, datt mir an der Fraeförderung op kee Fall dierfen higoen an d'Acquisë vun haut praktesch erofspillen an ëmmer nach op Schratt an Tratt hannert all Dier Diskriminatioun vis-à-vis vun de Frae gesinn.

Nach ass sécherlech net alles esou wéi et kënnt oder misst sinn, mä fir mech steet fest, déi modern Fra vun haut däerf net méi a priori an eng Opferroll eragezwängt ginn. Déi gläichwäerteg Unerkennung vun engem Liewe wéi d'Fra sech et virstellt, heescht nämlech weder datt d'Frae vu vireran an e weiblechen Opferstatus gezwängt ginn, nach heescht et datt d'Fraepolitik Synonym ass mat Familljepolitik. Eng reell Förderung vun der Fra an eiser Gesellschaft bedeit näischt méi an näischt manner, wéi datt d'Fra als een autonoomt a selbstständegt Individuum betruecht gëtt. Eng Persoun déi fräi entscheede kënne muss wat se wëll a wat net. D'Gesellschaft huet domat ganz einfach ze akzeptéieren, firwat déi eenzel Fra sech entscheet, ausschliesslech fir hir Famill oder Kanner do ze sinn, oder sech entscheet fir Famill a Carrière mateneen ze verbannen.

Et dierf net sinn, an dat hu mer alt schonns haut héieren, datt déi Fraen, déi sech entscheeden doheem ze bleiwe bei hirer Famill, bei hire Kanner, praktesch als Schmarotzer duergestallt ginn, déi op d'Käschte vun der aktiver Bevölkerung liewen. Et däerf och net sinn, datt déi Fraen, déi sech entscheede berufflech oder politesch Carrière ze maachen, ze héiere kréien, si géifen hir Kanner vernoléissegen.

D'Demokratesch Partei schwätzt sech däitlech fir de libre Choix aus vun all Fra, ob bestuet oder net, ob Kanner oder net. Eis Aufgab als politesch Responsabel an als déi, déi mir vun de Bierger gewielt goufen, ass et dës gesellschaftlech Barrièren, déi leider ëmmer nach bestinn, ofzebauen un Hand vun enger fraefrëndlecher Politik, déi d'Mëttelen zur Verfügung stellt, fir datt fräi Entscheedungen eng Evidenz gëtt an net eng Eventualitéit ass.

Här President, no eisem Verständnis ass d'Fraeförderung net sougenannte weiblech Defiziter an enger reng männlech dominéierter Gesellschaft ausgläichen. D'Fraeförderung ass fir ons vill méi d'Chance d'Fäegkeeten ze förderen, déi bis haut opgrond vu gesellschaftleche Konventiounen oder ebe geschlechtsspezifescher Sozialisatioun verbuerge bliwwe sinn. Haut geet déi klassesch Fraeförderung leider allze oft nach Hand an Hand mat Duerchsetze vu Quoteregelungen.

Mir mengen net, datt eng Quoteregelung der heiteger moderner a selbstständeger Fra zegutt kënnt. D'Demokratesch Partei selwer ass de beschte Beweis. Ouni iergendwellech Quoteregelung huet d'DP mat engem Prozentsaz vu 40% an de leschte Wahlen dat beschte Resultat opzeweise wat d'Fraen an der Politik betrëfft. Et ass also méiglech, datt d'Fraen ouni Gesetzer oder Reglementer fir d'Politik ze mobiliséiere sinn. A wat um politesche Plang méiglech ass, ass och sécherlech um beruffleche Plang net onméiglech.

D'Demokratesch Partei ass der Meenung, datt d'Frae selbstänneg, ouni Interventioun vu baussen, sollen handelen.

Fir eis sinn d'Fraen an der Politik zu enger Selbstverständlechkeet ginn. Anstatt op kënschtlech Agréffer wéi zum Beispill d'Quoteregelung zréck ze gräifen, hu mir eis entscheet, de noutwendege Mentalitéitswiessel sech natierlech entwéckelen ze loossen. D'Resultat ass haut, datt mir am Verglach mat anere Parteien e grousse Schrëtt méi wäit sinn, an dat net zu Lescht well mer erkannt hunn, datt et sech hei ëm eng gesellschaftspolitesch Evolutioun handelt, déi an éischter Linn emol an de Käpp vun eise Bierger stattfanne muss a sécherlech och schonns stattfonnt huet.

Här President, de jure ass déi rechtlech Egalitéit tëschent Fra a Mann erreecht. D'Realitéit awer, an do besteet leider keen Zweifel, gesäit zum alleroftsten anescht aus. D'Fraen hunn an deene leschte Jore praktesch an all Gebitt opgeholl. An obwuel ëmmer méi Fraen an de Chefétagen ze fanne sinn, bestinn ëmmer nach grouss Ënnerscheeder tëschent Männer a Fraen, an zwar a puncto Akommes an a puncto Carrièrechancen. Datt an deem Beräich nach esou munches ze dinn ass, läit op der Hand.

Erstaunlecherweis huet sech am Laf vun deene vergaangene Joren awer erausgestallt, datt weder eng haart Quoteregelung nach rigid Gesetzer zur Gläichberechtegung vu Fra a Mann zu deene beschte Resultater féieren, fir carrièrebewosst Fraen ze ënnerstëtzen.

An der Analys vum Sonja Bischoffs iwwer „Männer und Frauen in Führungspositionen der Wirtschaft in Deutschland" vun 1999 stellt sech eraus, datt dës klassesch Förderungsmoossnamen d'Frae weder a Chefétagë bruecht hunn, nach konnte si hir Pai nennenswäert erhéijen. Op Quoteplaze sëtzen zwar Fraen, déi hire Beruff och nach vläicht gutt maachen, mä am Verglach zu hire männleche Konkurrente wore si nach laang net déi Bescht. Ech géif souguer esou wäit goen a soen, datt Quote bal eng Diskriminatioun vun der Fra sinn.

An anere Wierder, eng Fra déi duerch d'Quoteregelung de Sprong no uewe gepackt huet, kann net mam Mann konkurréieren, well si hier Carrière de Quoten ze verdanken huet an net hirer perséinlecher Kompetenz.

Ausserdeem sinn ech der Meenung, datt d'Aféierung vu Quoten e grousse Schrëtt zréck ass. Mir briechen dann nämlech mat dem Prinzip vun der Emanzipatioun: ze refuséieren d'Mënschen no natierlechen Distinctiounen ze katalogiséieren. Mir stellen och de Prinzip vun der Universalitéit a Fro. Un dëser Stell wéilt ech d'Evelyne Pisier, Jurist a Professor fir Droit privé a Sciences politiques zu Paräis zitéieren: „Evidemment l'humanité n'est pas simple. Non parce qu'elle est double, ce serait trop simple, mais parce qu'elle est multiple. Sinon pourquoi la dire universelle?"

Et schéngt mir evident ze behaapten, datt andeems mir déi sexuell Dualitéit zu engem konstitutive Prinzip vun der Mënschheet maachen, de Wee fir d'Pluralitéit vun der Mënschheet verspäert gëtt. Mir kënnen d'Mënschheet dach net a Kategorien andeelen. Dat ass gefäierlech, well mer soss och nach aner Differenziatioune musse betruechten. Mir als Gewielten awer hunn d'Aufgab all eis Bierger ze vertrieden, onofhängeg vun hirem Sexe, hirer Hautfaarf an hirer sozialer Herkunft.

Virun allem jonk Frae gesi sech net als sougenannte Quotefraen. Si wëllen um beruffleche Plang eppes erreechen, well si d'Potenzial, d'Kënnen an d'Wëssen hunn, net well si als Fra gebuer goufen. Fir d'Demokratesch Partei ass d'Leeschtung net geschlechtsverbonnen.

Här President, fir dës Situatioun ze verbesseren, denken ech datt mir ee ganz anere Wee wéi deen iwwert d'Quoten oder Ähnleches musse goen. Fir mech ze erklären, géif ech nach eng Kéier gären op eis Schoulen zréckkommen.

Wéi aganks gesot, wësse mir, datt an eise Lycéeën d'Paritéit erreecht ass. Mir wëssen och, datt méi Frae wéi Männer héich Diplomer hunn. Folglech misst ee kënnen dovunner ausgoen, datt all d'Konditiounen erfëllt sinn, fir enger Fra de Wee an d'Beruffswelt ze erméiglechen an domat och an héich Positiounen, sief dat an enger Firma oder an der Politik. D'Zuele weisen awer och, datt d'Realitéit dëser Prémisse net entsprécht.

Et ass haut ëmmer nach esou, datt vill Frae sech fir Beruffer entscheeden, déi um wirtschaftleche Plang einfach keng grouss Carrièresméiglechkeete bidden. Et sinn dat virun allem Beruffer, déi an de Beräicher vun de Sozialwëssenschaften oder der Science humaine falen. Nëmme wéineg Frae weisen Interesse fir Ingénieurswëssenschaften oder technesch Beruffer. Dat läit zu engem groussen Deel a bis haut un der institualiséierter Rolleverdeelung an eiser Gesellschaft. Ech sinn der Meenung, datt et net dermat gedoen ass, fir vun enger sexistescher Prägung an eiser Schoul ze schwätzen. Et ass leider eis Gesellschaft, déi sech an dësem Beräich muss weider entwéckele fir vun deem Rollemuster Fra-Mann ewech ze kommen.

***(Interruption)***

Dat soen ech Iech elo.

Mir brauchen eng aktiv Mädchenpolitik. An anere Wierder heescht dat, datt an eise Schoulen an och an eiser zukünfteger Universitéit eng grondsätzlech Berodung muss sinn, fir datt sech d'Meedercher an déi jonk Frae fréizäiteg mat Beruffsfelder auserneesetzen, déi laang Zäit als klassesch männlech agestuuft goufen an doduerch am Ënnerbewosstsinn guer net an déi enger Wiel vum eventuelle Studiefach kommen.

Domat ass et awer net gedoen, well wéi mir wëssen, ass et haut zu

engem groussen Deel ëmmer nach esou, datt et d'Frae sinn, déi sech nieft hirem Beruff ëm hir Kanner këmmeren an net de Mann. An dësem Kontext plädéieren ech engersäits fir d'Förderung vun enger Männerpolitik, déi sech mat weiblechen Aufgaben auserneesetze kann, anerersäits ass et d'Aufgab vun de politesche Responsabele fir déi néideg Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir datt d'Frae béides, Beruff a Carrière, kënnen ënnert een Hutt bréngen. Ech denken hei spezifesch un déi bestänneg Förderung vu parascolairen Infrastrukturen, mä ech denken awer och un nei Aarbechtsformen.

D'Förderung vu méi flexibelen Aarbechtsforme bedeit virun allem fir d'Fraen eng nei Chance fir hiert Liewen esou ze organiséiere wéi si dat fir richteg fannen. An et freet mech dofir ëmsou méi, datt zum Beispill d'Reform vum Beamtestatut an dësem Kontext eng wegweisend Roll wäert spillen. Aarbechtsforme wéi den Télétravail oder Hallefsdagsaarbecht wäerten an Zukunft an der Fonction publique een neie Stellewäert kréien.

An deem Sënn ass d'Aufgab vun der Politik net fir op Béien a Briechen eng Egalitéit ze schafen déi, an och dat muss ee soen, net ëmmer ka geschafe ginn, well Mann a Fra sinn net gläich. Et gëtt Ënnerscheeder an der Liewensastellung an am Choix vum Liewen dat gefouert wëll ginn. Et geet dofir net drëms dës Ënnerscheeder ze verkennen oder auszeradéieren. Et geet vill méi drëms dës Ënnerscheeder positiv auszeleeën, fir datt Fra a Mann an eiser Gesellschaft alle béid hire flexibele Choix maache kënnen.

D'Aufgab vun der Politik ass et d'Viraussetzungen ze schafe fir dat ze erméiglechen, an net fir nei rigid Kaderen ze kreéieren, déi alt erëm d'Fraen an d'Männer an eng fix Roll eranzwängen, well d'Bild vun der Fra, déi trotz Mann a Kand Carrière gemaach huet, ass nämlech gewëssermoossen och nees eng fix Roll schafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi sëllech Gesetzer, déi an deene vergaange Jore gestëmmt goufe fir d'Rechter vun de Fraen ze stäerken, a virun allem fir hirer heiteger selbstänneger Roll an der Gesellschaft Rechnung ze droen, weisen, datt de Mentalitéitswiessel an de Käpp vun de Leit an domat an de Käpp vun de politesche Responsabele stattfonnt huet. Mä esou laang et Beispiller gëtt wou d'Fraen ze kuerz kommen, esou laang ass dëse Prozess nach net ofgeschloss. D'Fraeförderung ass keng exklusiv weiblech Spartepolitik, mä si riicht sech och un eis Männer, fir datt déi traditionell Geschlechtszouschreiwung an der Erzéiung lues awer sécher ausstierft. Mir brauche selbstbewosst Meedercher a selbstbewosst Fraen, déi an der Politik, am Beruff an an der Gesellschaft net méi fir hir Rechter kämpfe mussen, mä fir déi dës Rechter als selbstverständlech gëllen.

Ech soen Iech merci fir Äert Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame, pardon den Här Colombera agedroen.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Merci, Här President. Ech si geéiert, dass ech hei elo verweiblecht gi sinn. Ech wäert och versiche fir d'Conditions féminines ganz gutt ze verteidegen. Erlaabt mer vläicht am Ufank fir nach eng Kéier meng Trauregkeet auszedrécken, Här President. Mir hätte kéinten haut d'Geschicht schreiwen als Parlament.

***(Interruption)***

Mir hätte kéinten haut een neie Wee beschreiden an der Chancëgläichheet mat der Electioun vun enger Vize-Presidentin.

***(Interruption)***

Här Loes, et ass net un Iech. Et deet mer Leed.

Mir hätte kéinten haut d'Geschicht schreiwen. Mir hunn et verpasst fir an den Olymp opgeholl ze ginn.

Leider musse mer de berühmte Gang no Canossa ugoen. Erënnert Iech un 1077 wéi den Heinrich de IV. vum päpstleche Bann getraff gouf. Hien ass op Canossa gaang. Hien huet dräi Deeg Bouss gemaach an dunn ass hie vum Gregor de VII. vum päpstleche Bann befreit ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dëst Parlament geet net dräi Deeg op Canossa, mä 15 Méint. Ech mengen an deenen nächste 15 Méint, bis déi nächst Wahle kommen, muss dëst Parlament beweisen ob et fir Chancëgläichheet ass oder net, soss wäert et sanctionnéiert ginn, an zwar vun der weiblecher Wielerschaft.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass et déi aachte Kéier dass hei am Parlament eng Debatt iwwer eng spezifesch Fraenthematik diskutéiert gëtt an déi véierte Kéier an dëser Legislaturperiod. No den Debatten iwwert d'Wahlbedeelegung, der Gewalt am Stot an der Dimension du genre diskutéiere mir haut iwwert déi ekonomesch a sozial Situatioun vun der Fra. Wat mer am Rapport vun der Madame Nicklaus, där mir zu hirer zolitter Aarbecht félicitéieren, opgefall ass sinn haaptsächlech zwou Saachen. Éischtens de Fait dass bei deeneselwechten Aarbechtskonditiounen 12% vun de Frae manner Loun kréie wéi d'Männer, an dat eleng well se Frae sinn. Zweetens huet mech de Begréff vun der Aarmutt ganz staark gestéiert.

Diskriminatioun an Aarmutt, zwee Begréffer déi an enger Demokratie wéi Lëtzebuerg schwéier ze argumentéiere sinn, trotzdeem awer zur Alldagsrealitéit gehéieren. Wann an engem vun de räichste Länner vun der Welt dës zwee Begréffer optauchen, da misst een awer menger Meenung no déi Gesamtsituatioun nei iwwerdenken. Et wäert keen heibanne verwonneren, wann ech als Vertrieder vum ADR mat der Problematik vun de Pensiounen ufänken. Hei schielt sech eng Differenz, déi ganz notable ass, eraus.

Als Referenz huelen ech den Dezember 2000 mat Pensiounen déi ënner 50.000 Frang waren. Bei den normale Pensioune bei den Aarbechter lunge 55,7% ënner 50.000 Frang, bei den Aarbechterinne 96,6%. Bei de Privatbeamtemänner 16% a bei de Privatbeamtinne 66,5%. Bei den Indépendantmänner 22%, bei den Indépendantfraen 92%. Bei de landwirtschaftleche Betriber an dem Wäibau 98% bei de Männer an 100% bei de Fraen. Quitte dass Dir vläicht argumentéiere géift dass d'Fraen ënner anerem nëmmen eng Deelcarrière hunn an dat esou déi kleng Pensiounen erkläre géif, trotzdeem bleift dësen Ënnerscheed eng Realitéit mat ekonomesche Répercussiounen.

Als Partei ware mir duerfir frou, dass d'Grondrent ëm 11,6% erhéicht gouf, well déi kleng Renten heivunner am stäerkste profitéiert hunn. Och ware mer frou, dass d'Mindestrenten ëm 7% erhéicht goufen an d'Mindestwitwerenten ëm 31,9%. De 5. Juli d'lescht Joer ass dës Schwéiergebuert endlech Realitéit ginn. Am selwechten Otemzuch wéilt ech och d'Mammerent zitéieren, wat eng Unerkennung vun der Aarbecht vun der Hausfra ass, déi e groussen Déngscht fir d'Gesellschaft mat der Kannererzéiung gemaach huet. Dat war e Schratt an déi richteg Richtung.

Grad dës Fraen haten, obwuel se en onverzichtbaren Déngscht fir d'Gesellschaft geleescht hunn, iwwerhaapt keng Rent oder si mat sougenannten Hongerrenten ofgespeist ginn. Si konnte während de Joren, wou se hir Flichten als Mamm geleescht hunn, keng Rentebeiträg leeschten. Mir als ADR hu verlaangt, dass d'Mammerent duerch Beiträg vum Stat an d'Pensiounskeess an der Héicht vum qualifizéierte Mindestloun finanzéiert sollt ginn, an dat bis zum 12. Liewensjoer vum jéngste Kand. Dës Mammerent wär da méi héich ausgefall a méi sécher gewiescht, well se op den Numm vun der Fra an d'Rentekeess abezuelt gi wär. Dat wär also en Eegentumsrecht vun der Fra gewiescht un dat keen hätt kéinte réckele goen an d'Fra hätt dorobber eng eege Rent opbaue kënnen.

Dat ass awer leider net geschitt an et ass ze fäerten, dass an Zäite vu knappe Statskeesen déi Mammerent, déi 3.000 Frang pro Kand wéi se elo besteet, gekierzt oder gestrach gëtt, zudeem dass ee weess dass verschidde sozial Parteien hei am Haus net ganz waarm ware fir dës Mammerent anzefiéieren.

Wat heibäi nach ze bemierken ass, ass de Fait dass bis haut dës Mammerent nach net jiddferengem ausbezuelt gouf. Et gëtt gesot, datt 800 Frae schonns hir Mammerent kritt hunn, awer déi meescht hunn nach keen Euro gesinn. Duerfir wéilt ech d'Madame Minister froe wéi dës Situatioun haut no néng Méint nach iwwerhaapt ze verantwerten ass. Wéi ass dat méiglech, dass mat all deene Computeren, déi mer hunn, do nach net vill Substanzielles passéiert ass?

Ech weisen op de Symbolcharakter vun deenen 3.000 Frang hin. Wann eng Fra 3.000 Frang vum Stat fir hir Erzéiungsaarbecht kritt, dann ass dat eng gewëssen Unerkennung déi entsteet a si ka soen: De Stat huet u mech geduecht. Elo sinn awer zënter néng Méint eng ganz Rei vu Frae gestuerwen, déi leider ni behaapte konnten dass si ee Frang vum Stat kritt hunn, obschonn hir Famill vläicht réckwierkend op den 1. Juli 2002 dëse Bäitrag ausbezuelt kritt. Also wann ech glift, waart net ze laang mam Ausbezuelen.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Am Kontext vun der Mammerent zitéieren ech dann och déi ausländesch Mammen, déi hir Kanner am Ausland op d'Welt bruecht hunn, no e puer Joer hei an d'Land komm sinn, 20 Joer hei waren, an déi kréie keen ee Frang. Ass dat keng Diskriminatioun? Ech zitéieren och déi ganz kleng Rente vun de Bauerefraen, déi vum Stat en Zouschoss kritt hunn, déi awer net an de Genoss vun dëser Mammerent kommen, well mir gemengt hunn dass se mam Zouschoss genuch kritt hätten.

En anere Punkt am Kontext mat de Fraerenten, deen ech wéilt ervirsträichen, ass dee vun de Fraen déi hiert ganzt Liewen een handicapéiert Kand oder méi handicapéiert Kanner opgezunn hunn. Kanner, déi ouni déi permanent Presenz vun der Mamm iergendwou an enger Struktur hätte Plaz fanne missen. Mer wëssen awer, dass net an all Eck esou eng Opnahmstruktur ass. Dës Fraen hätte vläicht och eng eegen Aarbechtscarrière opbaue wëllen, si hunn awer missen doheem bleiwe fir hirem Kand oder hire Kanner bäizestoen. Dës Fraen, Här President, hu bis haut nach keng Unerkennung kritt, emol net eng bleche Medail.

***(Interruption)***

Grad awer elo am Joer 2003, Madame Minister, dem Joer vum handicapéierte Matbierger, misst ee sech awer och eppes fir dës Fraen afale loossen. Mir wëssen emol net wéi vill handicapéiert Leit mir hei am Land hunn. Et gëtt geschat tëschent 5 an 10%. Ech fannen et traureg, dass mir den exakte Chiffer net wëssen. Et wär awer einfach dee Chiffer erauszefannen. All Joer, wann deen Ziedel an d'Haus kënnt, wou een ausfëlle muss wéi vill Leit am Stot wunnen, wéi vill Hënn am Stot sinn, do misst et dach awer vläicht méiglech si fir eng Case do ze maachen an drop ze schreiwen „an dësem Stot wunnt een Handicapéierten".

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- ...behënnert Persoun doheem, an déi wäerten Iech soe wat se dovun halen.

Une voix.- Très bien.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- Also wann dat doten awer d'Propositioun ass...

M. Jean Colombera *(ADR).*- Madame Minister, dës Mammen, déi hiert ganzt Liewe fir hiert Kand do waren...

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- Déi kréien zousätzlech zwee Joer Babyjoren ugerechent. Wann Dir d'Gesetzer net kennt, duerfir kënnen déi aner Leit awer net.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Jo, et ass gutt Madame Minister.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- Ma neen, et ass net gutt. Gitt elo hei keng Ligen erzielen.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Neen, dat ass keng Ligen.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- Ma jo sécher ass dat eng Ligen.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Dat geet leider net duer, Madame Minister.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- Ah jo, dat ass eppes aneschters, mä sot net et géif näischt gemaach ginn.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Wéi gesot, Madame Minister, dës Mammen, déi hiert ganzt Liewe fir hiert behënnert Kand do waren, hunn nach net vill vum Stat guttgeschriwwe kritt...

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- Dat ass ewell eppes aneschters.

M. Jean Colombera *(ADR).*- ...an et ass eréischt duerch d'Fleegeversécherung,...

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- Ma dat ass jo iwwerhaapt net wouer.

M. Jean Colombera *(ADR).*- ...déi mer hei viru kuerzem agefouert hunn, Madame Minister, dass déi Leit, déi behënnert Persoune betreien, vum Stat eng Cotisatioun, e Bäitrag an d'Pensiounskeess abezuelt kréien. Et bleiwen awer nach ëmmer behënnert Leit, déi net an de Genoss vun der Fleegeversécherung kommen, déi awer eng zweet Persoun brauchen. Ech hoffen, Madame Minister, dass Dir Iech grad dëst Joer Gedanken iwwert dës Leit maacht, haaptsächlech fir déi Mammen déi behënnert Kanner betreien a betreit hunn, an dass Dir déi eng oder déi aner Propositioun op den Dësch leeë wäert. Grad dës Fraen hunn dem Stat vill Suen erspuert, well se hir Kanner doheem betreit hunn an nach betreien.

En anere Punkt deen ech an dësem Kontext wéilt uspriechen, ass dee vun der medezinescher Betreiung. Mir hunn deier Medikamenter um Maart. Al Leit si bekanntlech méi ufälleg fir Krankheeten. Viru kuerzem hunn ech mat enger Persoun geschwat, déi mer gesot huet dass si 10.000 bis 12.000 Frang Medikamenter pro Mount bezuele misst, an dat bei enger klenger Pensioun.

Mir wëssen dass déi behënnert Leit, wa se keen Auto hunn, sech mat enger Ambulanz oder enger anerer Organisatioun wéi der Croix-Rouge, der Amiperas oder der Croix de Malte déplacéiere mussen, sief et bei den Dokter, sief et fir an e grousst Geschäft ze kommen. Si kréien den Trajet nëmmen zréckbezuelt, wa se an der Ambulanz leien an net sëtzen. Wa se an en Akafszentrum gi musse se wéi gesot esou eng Organisatioun hunn, an do bezuele se och e ganz stolze Präis. Do kann ee rechnen, dass vun Duelem bis an d'Belle Etoile bei verschiddenen Organisatioune 4.000 bis 5.000 Frang gefrot ginn.

Mir wëssen, datt jiddferee beim Dokter eng gewësse Participatioun muss bezuelen. Mir wëssen datt d'Statute vun de Krankekeessen nëmmen zéng Consultatioune pro fënnef Méint erlaben, anerefalls de Patient seng Consultatioun net rembourséiert kritt, ausser wann den Dokter eng Justificatioun an eng ganz Litanei un de Kontrolldokter vun der Krankekeess schreift. Mir wëssen, datt d'Zänndokteren zimlech héich Präisser hunn, déi net vun de Krankekeessen integral gedroe ginn. A wann ee keng Suen huet, da kritt een eng Bréck vun der drëtter Kategorie.

Mir wëssen, datt verschidde Prestatioune bei der Fleegeversécherung net rembourséiert ginn. Ech weisen op d'Ausso vu mengem Kolleeg Aly Jaerling hin deen hei zitéiert huet, datt d'Pillboxen, an deenen déi déiglech Pëlle fir de Patient preparéiert ginn, mat 22 Euro pro Woch verrechent ginn an datt all Kéier, wou de Patient seng Pëlle kritt, hien nach muss 4,5 Euro bezuelen. Wann de Patient also dräimol den Dag seng Pëlle kritt, dat kascht hien 13,5 Euro den Dag, oder 405 Euro de Mount, déi net rembourséiert ginn. Dës Zoustänn sinn ontragbar, haaptsächlech fir eng Mindestrent. Fir Frae mat manner Akommes ass dëst nach méi brenzlech.

Ech kéint mir virstellen, datt ab 60 Joer, am Pensiounsalter, awer och fir behënnert Matmënschen, d'Medikamenter fräi wieren an datt een esou oft wéi noutwendeg bei den Dokter kënnt goen ouni eng Participatioun ze bezuelen; datt ee bei der Fleegeversécherung manner kommerziell géif virgoen, dat géif villen eelere Leit, haaptsächlech Fraen, eng besser finanziell Situatioun garantéieren.

Madame Minister, ech géif Iech bieden dem Gesondheetsminister dës Considératiounen ze ënnerbreeden.

Dës Weideren hu mir eis als ADR ëmmer agesat fir den öffentlechen Transport, dee sollt gratis sinn.

***(Interruptions et hilarité)***

Mir hunn ëmmer gesot, den öffentlechen Transport misst gratis sinn. Heimat kéint een awer och mannerbemëttelt Leit ënnerstëtzen. Doriwwer misst Dir, Madame Minister, mam Här Grethen Iech ënnerhalen.

***(Interruptions diverses)***

Wann ech glift, loosst déi domm Witzer do sinn. Dat bréngt der Saach guer näischt. Dir misst Iech schummen.

E weidere Punkt vum ADR ass déi sougenannt negativ Steier an déi individuell Besteierung. Esou wéi et de Moment ass, gëtt de Mann besteiert. Wann d'Fra schaffe geet, gëtt si och besteiert. An enger zweeter Phas gëtt alles zesumme geschloen an et kënnt zu enger zousätzlecher Besteierung, esou datt ee ka soen datt d'Fra praktesch fir näischt schafft.

Mir fuerderen d'Aféierung vun der individueller Besteierung, well déi ënner anerem d'Ophiewung vun de fiskale Benodeelegunge vu bestuete Fraen ophieft. Am selwech-

ten Otemzuch fuerdere mir d'Ofschafung vun den Abattementer zu Gonschte vun Allocatiounen. Zum Beispill, eng Botzfra geet vun Iechternach an d'Stad schaffen. Dat sinn all Dag 35 Kilometer. Si bezilt keng Steieren, well se e klenge Loun kritt, a kann also kee Steierfräibetrag kréien. Dogéint kann ee Bankdirekter fir déiselwecht Streck 101.400 aler Frang fir Frais de route ofsetzen. Op dëser Zomm huet hien 52.758 aler Frang u Steiere gespuert bei dem héchste Steiersaz vun 48%. D'Botzfra huet näischt zegutt.

Wann een elo eng negativ Steier géif aféieren, da géif d'Botzfra e Forfait vum Steieramt ausbezuelt kréien. Dat wier sozial méi gerecht. Datselwecht Beispill kann ee fir all Kand, dat am Stot ass, uwenden. Fir all Kand en Abattement vun 48.000 Frang, fir zwee Kanner 96.000 Frang. Wann een awer keng Steiere bezilt, da kann een déi 96.000 Frang net ofhalen. Wann d'Steieramt awer an dësem Fall e Forfait ausbezuele géif, da géif jiddferee vun dëser Bonifikatioun profitéieren.

Madame Minister, mir bieden Iech an dësem Fall mam Finanzminister Récksprooch ze huelen.

All dës Beispiller, déi ech zitéiert hunn, kéinten d'Aarmutt bei de Frae substanziell reduzéieren.

Wat d'Diskriminatioun vun de Fraen ugeet, esou wäert et keen heibanne wonneren, datt ech d'Problematik vun der Prostitutioun uschwätzen.

Eng berühmt amerikanesch Feministin, d'Kathleen Berry, huet an hirem Buch déi weiblech sexual Sklaverei beschriwwen: Den eelste Beruff op der Welt ass net d'Prostitutioun, mä de Proxénétismus. Ouni Zuhälter géif et keng Prostitutioun ginn. Ech muss hir an dësem Punkt Recht ginn.

Mir gesinn ëmmer méi an de Landregiounen, datt verschidde Caféën ëmstrukturéiert ginn. Ech wéilt e puer Uertschaften zitéieren: Schieren, Grolënster.

Une voix.- Net esou séier. Ech schreiwe se op.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Réimech, Gëtzen, Olm, Hënchereng. Aner Uertschafte riskéieren an déiselwecht Richtung ze goe wéi Péiteng, Diddeleng, Stengefort, Larochette. Mir wëssen awer alleguerten, datt hei auslännesch Frae schaffen, déi am Ausland och e gewëssenen Niveau mat engem Diplom haten, Fraen déi ënnerbezuelt ginn, déi keng Kotisatioune bezuelen, déi e gewëssene gesondheetleche Risiko lafen.

D'lescht Joer hu mir hei an der Chamber eng Motioun deponéiert, déi ugeholl gouf, wou mer d'Regierung invitéiert hu fir substanziell eppes am Beräich vum Proxénétismus an der Prostitutioun ze ënnerhuelen.

Wat ass bis haut mat där Motioun geschitt? Madame Minister, hei ass et evident datt net vill ënnerholl ginn ass. Weder Dir nach den Här Frieden hutt eppes Substanzielles virzeweisen. Dir hutt näischt gemaach an Dir wäert och näischt maachen. Dir wëllt och näischt maachen, mä zu Ärer Verteidegung wëll ech soen, datt Dir näischt kënnt maachen, well Dir déi ganz Saach net am Gréff hutt.

An engem Punkt trotzdeem kloen ech Iech un, Madame Minister, nämlech an dem Punkt datt Dir als Fraeministesch, menges Wëssens, nach ni hei op der Chamberstribün eppes Substanzielles iwwert d'Prostitutioun an de Proxénétismus gesot hutt. Mir kennen Är Meenung nach guer net. Dofir géif ech Iech biede fir herno hei op der Tribün Iech net Ärer Verantwortung ze entzéien an zu dësem Problem Stellung ze huelen. Et kann een net, Madame Minister, sech fir Fraerechter asetzen, sech fir Chancëgläichheet staark maachen op där enger Säit an op där anerer Säit nokucke wéi Fraen exploitéiert ginn, wéi Fraen ënnerdréckt ginn, wéi Frae profitéiert ginn, wéi Fraen ënner Drock gesat gi vu Leit déi keng Schimm hunn.

Madame Minister, wann Dir fir d'Fraerechter sidd, an Dir hutt bewisen datt Dir fir d'Fraerechter sidd, da wann ech gelift bis zum Schluss ouni faul Kompromisser. Vill Leit wäerten Iech op deem Wee do begleeden. Dir wäert net eleng sinn. Dofir wann ech gelift beweist e bësse méi Courage, Dir wäert genuch Ënnerstëtzung fannen. Meng Ënnerstëtzung wäert Dir jiddefalls kréien. Dës Diskriminatioun muss ophalen.

Mat dësem Uleies wëllt ech meng Ried ofschléissen a mäi Kolleeg, den Här Jaerling, wäert herno iwwert de Volet vun der Aarbechtswelt bei de Frae schwätzen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Nom Här Colombera kënnt d'Madame Renée Wagener. Madame Wagener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci. Här President, eng vun de Kriticken, déi mer an der Kommissioun par rapport zu deem Thema an och zum Rapport geäussert hunn, war déi datt de Beräich, iwwert dee mer haut schwätzen, ze vill wäit gefaasst wär. Ech wéilt mech och dofir op zwee Aspekter vun deem Thema beschränken. Dat eent sinn d'Ecarts de salaires an dat anert ass déi weiblech Aarmutt, woubäi ech mengen, datt déi zwee Themen net ganz wäit ausenaner leien.

Zu de Salairen. Zënter datt d'Ausbildung fir den Aarbechtsmaart esou eng wichteg Roll spillt, datt Aarbechtskräfte vun no a wäit mussen importéiert ginn, kréie weiblech Aarbechtskräfte Chancen, déi se bis elo net haten. Net wéinst Demokratie a Chancëgläichheet, mä well lëtzebuergesch Fraen eise Bildungssystem duerchlaf sinn, oft mat méi Succès wéi d'Männer, a véier Sprooche schwätzen, kréien al feministesch Fuerderungen op eemol Sekurs vun ongewinnter Säit.

Dat heescht awer net datt, sozial Maartwirtschaft sei Dank, um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart elo par décret déi absolut Gläichberechtegung duerchgezu géif ginn, et läit am System vun eiser Wirtschaft dran, datt en ëmmer nëmmen esou vill Zougeständnisser mécht wéi et onëmgänglech ass, fir datt op där anerer Säit eppes amplaz dobäi erauskënnt. E Beispill. Well Fraen an den Aarbechtsmaart nëmme kënnen integréiert gi wa Betreiungsstrukture fir Kanner existéieren, huet och deenen hir Entwécklung elo zu Lëtzebuerg endlech méi eng grouss Chance krut. Mä well de Congé parental de Patronen däermoosse wäit geet, och wéi deet, a se eng Verbreedung vun dëser neier Epidemie befäerten, baggere se elo scho ganz fläisseg fir déi Krankheet vum Congé parental, wann net auszemäerzen, da wéinstens an en erdréigleche Stadium zréckzedrängen, dat heescht zréckzefuere vu sechs op dräi Méint Congé parental.

M. Marcel Glesener *(CSV).*- Dat kënnt awer net a Fro.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Ech huelen Iech eng Kéier beim Wuert, Här Glesener.

Datt esou eng Haltung eigentlech esouguer fir d'Wirtschaft kontraproduktiv ass, ass zumindest am Ausland schonn erkannt ginn, wou an deene grousse Betriber ëmmer méi och kannerfrëndlech Moossname geholl a gefördert ginn.

Déi däitsch Wirtschaftsberoderin Gertrud Höhler seet dozou: Esou wéi all Firma gezwongen ass Déifgaragen ze bauen, misst se och fir Kannerbetreiung suergen.

D'Wirtschaft mécht wéi wann d'Welt just aus Erwuessener géif bestoen. Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, ass d'Fro vun der sozialer Verantwortung vun den Entreprisë gestallt. D'Schafe vu Betreiungsstrukturen ass awer natierlech och eng Verantwortung vum Stat a mir kënnen an den Zuelen, déi mer vum Ministère de l'Educatioun kritt hunn, liesen, datt bis elo 76 Gemengen Education précoce ubidden an datt fir de Primaire an de Préscolaire 79 eng Kantin an 73 e Foyer de jour mat Prise en charge complète proposéieren. Mir ginn awer net gewuer aus deenen Zuelen, ob da wéinegstens an deenen dote Gemengen elo e flächendeckend Angebot besteet. Vläicht kann d'Ministesch eis dorop herno Äntwert ginn.

Ech wëllt dann awer drop hiweisen, datt um Sommet vu Barcelona europäesch Standarde festgeluecht gi si wat d'Kannerbetreiung betrëfft. Do ass gesot ginn, datt bis 2010 sollen op d'mannst 33%, wann ech mech net ieren, vun de Kanner ënner dräi Joer a mindestens 90% vun deene vun dräi Joer un, iwwer Kannerbetreiung verfügen. Ka Lëtzebuerg dës Standarden erreechen? Wéi gesinn d'Zuelen zum Beispill bei de Kanner ënner dräi Joer fir Lëtzebuerg aus? Och dat wier interessant gewuer ze ginn.

Här President, datt et der Ekonomie net prioritär ëm méi héich Ziler wéi Demokratie oder Gläichstellung geet, wa Fraen als Aarbechtskräften entdeckt ginn, dat läit op der Hand. Et sollt d'Politik awer zur Virsicht ureegen. Beispill, Congé parental. Wa gutt Mesurë wéi déi heiten no enger Zäit erëm kënnen a Fro gestallt ginn, wann dat iwwregens och schonn am Gesetz mat agebaut ass, datt et kann a Fro gestallt ginn, dann huet d'Politik hir Roll net erfëllt.

Et gëtt awer oft vun der Politik gesot, datt se kuerzsiichteg wier. D'Beispill Demographie weist, datt een dat och vun der Wirtschaft ka behaapten, well méi Kanner jo eigentlech och méi zukünfteg Aarbechtskräfte bedeiten. Do hunn ech eng relativ interessant Etüd vum CEPS konnten noliesen, déi schonn e bësse méi al ass, wou d'Frae gefrot gi si wivill Kanner datt se eigentlech gär hätten a wivill datt se der finalement kritt hunn. An déi Ënnerscheeder tëschent Wonsch a Realitéit, déi sinn zimlech drastesch. Natierlech gëtt et fir deen Ecart och nach aner Grënn wéi d'Problematik vun der Kannerbetreiung. Mä et weist awer, datt et Contraintë gëtt mat deenen d'Frae konfrontéiert sinn, an eng vun deenen ass d'Conciliatioun vu Beruff a Famill.

Ech kéim da méi prezis zum Thema vun den Ecarts de salaire an ech wëllt d'Fro opwerfen, firwat et dës Ecarten ëmmer nach gëtt. D'Zuelen, déi mer fir Lëtzebuerg hunn, si schonn e bësse méi al, an neier schénge sech um Horizont ze annoncéieren. D'Madame Minister wénkt mam Kapp. Ech hat an eisen Texter gelies, datt fir déi nächst Joren eng nei Etüd an Ausaarbechtung wär oder an Ugréff soll geholl ginn. Jiddefalls erkennt een awer an deenen Zuelen, déi eis bis elo virleien, datt et eng Opdeelung gëtt tëschent strukturell bedéngten Differenzen an deenen - an dat wär vläicht och un d'Adress vun der Madame Nagel interessant - Differenzen an de Salairen, déi net anescht kënnen erklärt gi wéi duerch de Fait datt een eng Fra ass. Dobäi sollt een awer net vergiessen, datt och déi strukturell Differenzen op Fraendiskriminéierung kënne foussen, wann een zum Beispill, dovunner schwätzt, datt et Leichtlohngruppe gëtt, wou ëmmer erëm Frae sech dran erëm fannen, dann ass dat jo keen Zoufall, oder wann een iwwert den Niveau de formation bei den eelere Generatioune schwätzt a feststellt, datt d'Fraen do oft guer net konnten, oder nach a méi klengem Mooss wéi d'Männer, hire Beruffswënsch oder Ausbildungswënsch an där Zäit fréier Rechnung droen, oder wann een iwwert d'Durée de carrière schwätzt, wou et sécherlech fir d'Fraen och ganz kloer Diskriminéierunge gi sinn an och nach gëtt.

Een Thema, wann et dorëms geet fir d'Ecarts de salaire ze erklären, ass Orientéierung a Beruffswiel. Wa mer eis dee Beräich ukucken, dann ass et zumindest zu Lëtzebuerg een, wou nach munches am Uerge läit a wou eiser Meenung no och de Fraeministère sech d'Fro muss gefale loossen, ob hei déi richteg an effikass Strategien agesat gi fir Meedercher vun deenen ëmmer erëm sech widderhuelende Choixen ewech ze kréie vu Coiffeuse, Vendeuse, Serveuse, Sekretärin, oder fir déiselwecht Litanei op de méi héije Qualifizéierungen ze transposéieren, Beaux-Arts, Educatioun, Sproochen a Sciences sociales.

Firwat, Dir Dammen an Dir Hären, wielen déi jonk Meedercher och haut nach dës Beruffer, déi sech besonnesch an de Carrières inférieure et moyenne duerch eng relativ schlecht Bezuelung auszeechnen? Ass et well se déi Beruffer léiwer maachen, amplaz méi e lukratiivt Handwierk ze wielen, oder eng Ausbildung an der Informatik oder Naturwëssenschaften ze studéieren? Ass et, well d'Fro, wat dann herno um Paiziedel steet, hinnen ze onweiblech virkënnt? Oder ass et, well se ëmmer nach an hirem Kapp déi kleng Stëmm spazéiere féieren, déi hinne seet: Ma du brauchs der keng Gedanken ëm d'Pai ze maachen, well du verdéngs herno just derbäi, a wie weess ob s de iwwerhaapt laang muss schaffe goen, wannn s de eng gutt Partie méchs?

Oder, Dir Dammen an Dir Hären, ass et well se vu vir eran déi Beruffer op der Säit loosse wou se mengen, datt se net mat hirem Kannerwonsch vereinbar sinn? Et ginn also vill méiglech Explicatiounen, Dir kënnt Iech déi eraussichen, déi Iech am beschte gefalen. Vläicht misst een och hei emol Etüden driwwer ustellen. Wie deem auch sei, un der Politik wär et jiddefalls bei deene jonke Fraen ze thematiséiere wat d'Konsequenze vun deene spezifesche berufflecht Choixe sinn, och herno um Paiziedel, an hinnen déi Chancen opzeweisen, déi sech aus engem gudden Notze vun hiren Talenter erginn.

E weideren Aspekt bei den Ecarts de salaire sinn d'Fraen an de Spëtzepositiounen. Mir hunn, wann een d'Zuele vergläicht mat deenen anere Länner, e relativ héije Prozentsaz vu Femmes-cadre an deene Beräicher. A Frankräich hu mer anscheinend just 5 bis 9%, jee no Gréisst vu Betrib. An Däitschland just 3%. A Lëtzebuerg hu mer laut deenen offiziellen Zuele 15%. Do stellt sech menger Meenung no zwar d'Fro vun der Comparabilitéit vun de Statistiken, well et schéngt mer e bëssen erstaunlech ze sinn, datt mer do esou wäit vir solle sinn, wou mer dach an anere Beräicher strukturell awer relativ schlecht ausgesinn, wann et ëm d'Vertriedung vun de Fraen an der Aarbechtswelt geet.

Op alle Fall, hannert deenen Zuele verstoppe sech oft ganz konkret Problemer. Esou weist eng Etüd vun 2000 iwwert d'Femmes dans la prise de décision économique op, datt Fraen oft als net crédibel ugesi ginn, wann et drëms geet si op verschiddene Posten anzesetzen. Dat heescht, datt do ganz kloer och carrément fraefeindlech Approchë vun de Chefen, respektiv an de Chefétagen existéieren, déi hiert Weltbild nach net esou wäit geännert hunn, datt se sech Fraen op deene Poste kënne virstellen.

Eng Rei vu Fraen üben dann och eng Fonctioun aus ouni den hierarchechen Titel ze hunn, deen deem entsprécht. Dat ass zum Beispill am Statssecteur de Fall, wou ee muss Statsbeamte si fir en Titel an déi entspriechend Pai ze kréien, wou een awer mat enger Deelzäitaarbecht, zumindest am Moment nach, guer net ka Statsbeamte ginn, sou datt et menger Meenung no eng ganz Rei vu Plaze gëtt, déi zwar vu Fraen exekutéiert ginn, mä wou se net dat Geld dofir kréien, wat hinnen eigentlech géif zegutt kommen.

Ëmmer nach, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt et awer och d'Tendenz vun de Frae selwer sech ënner Wäert ze verkafen, wa se Serveuse ginn amplaz Kach, wa se Primärschoulmeeschtesch ginn amplaz Proff am Secondaire, wa se als Chefsekretärin hirem Chef virdenkt amplaz selwer Chefin ze ginn, wa se als Responsabel an engem Secteur net dat Gehalt froen, wat männlech Responsabel a vergläichbare Secteuren hunn a wa se bei Astellungsgespréicher, an dat schéngt mer och e ganz wesentleche Punkt ze si fir de Privatsecteur, net offensiv hir Salairesvirstellungen artikuléieren, mam Resultat datt si duerno oft jorelaang musse kämpfen, fir mat de Kolleege gläichzezéien.

Ecartë gëtt et awer net nëmme bei de Spëtzepositiounen, mä och um aneren Enn vun der sozialer Leeder. Ech wëllt ganz kuerz déi méi prekär Aarbechtsverhältnisser uschwätzen. Ee Beispill sinn d'Zäitkontrakter. Och do gëtt d'Fonction publique e gutt Beispill hier. Mir hunn d'Zuele geliwwert krut, wou ee gesäit datt den Däiwel am Detail stécht. Bei de Statsverwaltungen, déi ëmmer erëm als Champion vun der Geschlechterparitéit duergestallt ginn, stellt een awer och niewent deene scho bekannte Ségrégatiounen tëschent de Carrièren, respektiv tëschent der Astufung als Fonctionnaire, Employé oder Aarbechter fest, datt et nach aner Problemer gëtt. Et gesäit een zum Beispill bei deenen Zuelen, dass et beim Stat enorm vill Frae gëtt, déi à contrat à durée déterminée agestallt ginn. Vun deenen 1.030 Zäitkontrakter beim Stat hu Fraen der 786.

En anert Beispill ass d'Deelzäitaarbecht, déi jo och ëmmer als Léisung vun alle Problemer duergestallt gëtt. Hei erweist et sech da ganz oft, dass, wann een Deelzäitaarbecht schafft, een da kaum Méiglechkeeten huet fir an enger Carrière virunzekommen. Och hei nach eng Kéier d'Beispill Statssecteur, an ech fäerten dass dat am neie Projet iwwert d'Fonction publique och nach net geléist ass, dass, wann een do an deenen iewechte Carrièrë wëllt mathalen, een net hallef Deeg respektiv ëmgedréint schaffe kann. Wann een hallef Deeg schaffe wëllt, da muss een op dee Luxus a sengem Beruff virunzekomme verzichten.

Dee leschte Punkt, deen ech an deem Kontext wéilt uschwätzen, ass d'Thematik vum Chômage. Um Sommet vu Lissabon - an d'Madame Mutsch huet et virdru schonn ugeschwat - goufe quantitativ Ziler fir d'Beschäftegung festgeluecht. Fir d'Frae sollten dat 60% sinn, fir d'Männer 70%. Ech mengen, dass mer effektiv zu Lëtzebuerg ëmmer nach wäit dovu sinn, an et géif mech och interesséiere wéi eng Strategien dass d'Regierung gedenkt sech unzëeegne fir déi Ziler ze erreechen, well dat wat am PAN-Gesetz bis elo virgesinn ass léist vläicht momentan d'Problemer vun der Kannerbetreiung, mä et léist sécherlech ganz wéineg d'Problematik vun der Tatsaach, dass d'Frae méi staark ënnert dem Chômage leide wéi d'Männer.

Och do krute mer Ënnerlage fir d'Diskussioun. Mir kruten zum Beispill e Paper vun der ADEM, wou eng ganz Rei vun Zuelen och opgefouert goufen, wou een awer huet misse feststellen, dass do eigentlech kaum Reflexiounsmaterial besteet. Mir si wéineg doriwwer gewuer gi firwat den Undeel vum

Chômage bei de Frae méi héich ass an ob et e fraespezifesche Profil gëtt bei de weibleche Chômeuren. Mir sinn drop opmierksam gemaach ginn, dass verschidden Hëllefen net gräifen, wéi zum Beispill déi Hëllef beim Transport. Dat ass haaptsächlech gemengt gewiescht fir wann een als Chômeur Formations continues wëllt maachen, wat grad fir d'Frae geduecht war, déi oft net motoriséiert sinn an da Schwieregkeeten hunn iwwerhaapt kënnen u Formatiounen deelzehuelen. Anscheinend ginn déi Hëllefe ganz wéineg genotzt. Méi wësse mer awer net. Do wär et gutt méi Detailer ze kréien, an ech denken dass et do och un enger ADEM wier fir vläicht emol nozefroen, firwat déi Mesure, déi mer awer wichteg schéngt, net fonctionnéiert huet.

Da gëtt och gesot, et wär e Forum „femmes et entreprises" ginn, wou relativ vill Frae sech bedeelegt hunn. Wat waren d'Konklusioune vun deem Forum, dee vun der UEL organiséiert ginn ass? Och do gi mer net ganz vill gewuer.

Här President, ech kéim dann zu de Mesuren, déi ee géint d'Ecarts de salaire kéint huelen. D'lescht Woch war zu Bréissel e Colloque. Do huet déi hollännesch Professorin Janneke Plantenga festgestallt, dass a just fënnef EU-Länner an deene leschte Joren eng Reduktioun vun deem Gender gap festzestelle wier. Lëtzebuerg gehéiert awer zu deene Länner wou d'Situatioun stagnéiert, respektiv sech verschlëmmert. Wou ass hei d'Strategie vun der Regierung fir déi Ecarten ze reduzéieren, wou dach anscheinend och bei deene jonke Fraen ënner 30 Joer déi Ecarte weider bestinn?

Ech wéilt do nach vläicht eng Klamer opmaachen. D'Madame Nagel huet virdrun esou vill vun de Quote geschwat. Déi Propositiounen, déi si du selwer hannendrop gemaach huet iwwer eng spezifesch Männerpolitik, iwwer eng besser Orientéierung vu Meedercher, déi kënne mir all mat droen, déi fanne mir ganz sënnvoll, mä och dat si geschlechtsspezifesch Mesuren, och do geet ee vun der Feststellung aus, dass et eng Problematik ass, déi eppes mam Geschlecht a mat der Rolleverdeelung ze dinn huet.

Wat d'Quote betrëfft hunn ech d'Impressioun, datt mer an deenen Diskussiounen, déi mer hei féieren, vläicht um politeschen Niveau vill iwwer Quoten diskutéieren, mä, ech géif soen, leider am Beräich vun der Aarbechtswelt eigentlech guer net. Do si mer wäit ewech. Ech hat zwar virun enger Rei vu Joren eng Proposition de loi gemaach, mä ech hunn awer net d'Gefill wéi wann an der Wirtschaft respektiv an der Tripartite iwwer Quote géif diskutéiert ginn, esou datt Dir, Madame Nagel, Äre Kapp an deem Beräich jiddefalls kënnt a Rou leeën.

A wéi wäit awer déi ganz Basic-Saache geschéien, och do muss een Zweifel hunn. Wann ech zum Beispill drun denken, dass mer e Gesetz hunn iwwer Egalité de traitement, da froen ech mech, ob do d'Sanktiounen, déi dra virgesi sinn, wäit genuch ginn. Ech froe mech och, ob dat Gesetz heiansdo applizéiert gëtt fir ze kontrolléiere wéi et mat där Egalité de traitement ass a wat da bei deene Kontrollen erauskënnt.

En anert Beispill ass dat vum neie Kollektivvertragsgesetz, dat jo deemnächst och hei wäert diskutéiert ginn. Ech hunn an enger gudder Wochenzeitung gelies, dass am Avant-projet virgesi war, datt an de Kollektivverträg d'Moossname fir d'Förderung vun der Gläichstellung obligatoresch misste ginn. Dat ass elo schonn anscheinend net méi de Fall. Den CNFL, wou jo och ganz vill DP-Frae fläisseg matschaffen, freet a sengem Avis, datt Plans d'actions positives dora misste virgesi ginn. E weist och spezifesch op d'Ecarten an de Salairen hin.

Och déi Gréng hunn dozou schonn en Amendement gemaach a mir hoffen - an dat geet dann un d'Adress vum Här Glesener -, dass deen dote Punkt erëm eng Kéier an dee Projet de loi kënnt, well et schéngt mer wierklech och au vu vun de Realitéiten an deene mer dra sinn, och par rapport zu deem Gesetz iwwert d'Chancëgläichheetsdelegéierten an de Betriber, eng absolut Noutwendegkeet ze sinn, dass mer do e Schrëtt viru ginn an zu méi contraignanten - wann een dat esou ka soen - Mesuren ze kommen, och wann et „nëmmen" drëm geet emol Pläng opzestellen, Analysen opzestelle wéi vill Fraen an de Betriber sinn a wat ee kéint maache fir hir Situatioun ze verbesseren an hir Zuel ze vergréisseren.

Jiddefalls schéngt et eis wéi wann dat heiten, wann een dat héiert, dass dat, wat am Avant-projet virgesi war, schonn net méi dran ass. E Beispill ass, dass zu Lëtzebuerg keng offensiv Politik géint d'Ecarts de salaire gemaach gëtt, respektiv dass d'Regierung allze vill schnell virum Drock vun der Wirtschaft an d'Knéie geet.

Här President, dat war dat, wat ech haut hei zum éischte Punkt wollt traitéieren. Ech kéim dann zum zweete Punkt, deem vun der Aarmut.

No all deem, wat ech bis elo gesot hunn, misst et eigentlech zu Lëtzebuerg eng méi staark Précaritéit bei de Frae ginn an déi misst sech och statistesch kënne feststelle loossen. Déi hollännesch Professorin, déi ech virdru scho beméit hunn, huet fir ganz Europa festgestallt, dass et géif, ech zitéieren: „a clear gender difference in the risk of being poor" ginn. Frae wieren och méi wéi d'Männer dem Phenomeen vun der Aarmutt iwwer laang Zäit ausgesat. Dat schéngt awer laut offiziellen Zuele fir Lëtzebuerg net esou ze sinn. Mir hunn eis do an der Kommissioun beléiere gelooss, dass d'Fraenaarmutt an d'Männeraarmutt zumindest statistesch op deemselwechten Niveau vun 11 oder 12% vun der Bevölkerung léichen.

Menger Meenung no läit dat awer éischter dorunner, dass net no der weiblecher Form vun der Aarmutt gefuerscht ginn ass, dass keng spezifesch Profiler ausgeschafft gi sinn, an dat zum Deel vläicht well an der Lëtzebuerger Sozialfuerschung selwer d'Dimension du genre nach net richteg verstane gëtt. Oder wéi ass ze erklären, dass eis e Vertrieder vun der Caritas hei proposéiert huet, mir missten niewent de Foyers pour femmes en détresse och Foyers pour hommes en détresse schafen? Dat ass sécherlech eng gutt gemengte Fuerderung gewiescht, mä se verkennt awer absolut d'Missioun vun de Foyers pour femmes en détresse, wou et jo och ëm d'Thematik vun der Violence geet, déi, wann ech gutt informéiert sinn, awer esou d'Männer net betrëfft.

Och dem CEPS seng Zuelen haten eng begrenzten Aussokraaft wat déi spezifesch Fraenaarmutt betrëfft. Et ass just en erhéichte Risiko festgestallt gi fir monoparental Fraen a fir Wittfraen. Et konnt keng Differenzéierung innerhalb vun de Koppele gemaach gi wéi do d'Geld opgedeelt gëtt, well et sech ëm eng reng monetär a quantitativ Approche gehandelt huet. Hei wären dréngend méi verdéiften an nieft deene ville quantitativen och vläicht qualitativ Etüden noutwenneg, fir do zu engem méi kloren a vläicht och méi richtege Bild ze kommen. Op alle Fall waren d'Beméiunge vun der Kommissioun, fir iwwert deen heite Beräich Donnéeën ze kréien, net besonnesch fruchtbar.

Wat wësse mer vun der Aarmutt vun den auslännesche Fraen, déi jo eng duebel Diskriminéierung erfueren, well se Frae sinn a well se Auslännerinne sinn? Wat wësse mer haut iwwert d'Problematik vun der ländlecher Aarmutt, déi besonnesch Frae betrëfft? Wat wësse mer iwwer eeler Fraen, déi a Précaritéit liewen? Wat wësse mer iwwert déi ëmmer méi grouss Zuel vu jonke Fraen, déi keen Daach iwwert dem Kapp hunn an an de Strudel vun Toxicomanie a Prostitutioun geroden? Wat wësse mer iwwer weiblech Sans-abrien? Wat wësse mer iwwer Fraen, déi an enger Koppel dra sinn, déi vum RMG oder vum Mindestloun lieft? Ass do den Accès zu deem wéinege Geld gläichberechtegt opgedeelt? A schlussendlech, wat wësse mer zu fraespezifeschen Aspekter vun der Verschëlldungsproblematik?

Dat sinn nëmmen eng Rei vu Froen déi een an deem Kontext stelle kéint, mä op déi mer haut awer keng Äntwert hunn. Ech mengen, dat weist drop hin, dass do nach Handlungs- a Fuerschungsbedarf besteet.

Wat d'Approche vum CEPS betrëfft, wëll ech awer och hei nach eng Klamer opmaachen a soen, dass déi Approche mir éischter konservativ, jo bal schonn tendenziös virkomm ass. Esou ass eng vun de Konklusiounen, dass Fraen ouni Conjoint méi en héijen Aarmuttsrisiko hätten. Ech weess net, ob dat bei der Aarmutt vun de Männer géif esou definéiert oder formuléiert ginn, wou ee jo och ka soen dass en zweete Revenu feelt an dass, wann en zweete Revenu do wier, se besser gestallt wären. Wahrscheinlech wier d'Formuléierung méi appropriéiert, dass Fraen en ze vill niddregen oder guer keen eegene Revenu hunn.

Da wéilt ech nach déi drëtt Associatioun erwähne mat där mer op deem klengen Hearing, dee mer haten, a Kontakt komm sinn. Dat war de Service de proximité vun der Croix-Rouge. Ech wéilt do een Zitat eraus huelen, wat menger Meenung no drop hiweist, wou d'Problematik grad an deem dote Beräich läit: „Nous ne voyons presque pas de femmes dans notre service qui avant la séparation exerçaient une activité professionnelle leur procurant un revenu suffisant. Celles qui viennent nous voir sont surtout des femmes au foyer sans revenu professionnel propre ou des femmes à revenu très bas." Ech mengen dass dat Zitat fir sech schwätzt. Op alle Fall ass et awer laut CEPS eng Tatsaach, dass besonnesch elengstehend an inaktiv Fraen sou wéi Frae mat Kanner, déi inaktiv sinn, en héijen Aarmuttsrisiko hunn.

Dat féiert mech zréck zur Problematik vun der ekonomescher Ofhängegkeet vun de Fraen, Ofhängegkeet entweder vun de Männer oder vum Stat. Meng Konklusioun ass, dass et nieft deene villen anere Grënn, firwat d'Selbststännegkeet vun de Frae wichteg ass, vläicht och nach méi misst betount ginn, wat déi reell Risike vun Aarmutt a sozialer Exclusioun kënne sinn, wann een als Fra net selbststänneg ass a säin eegene Revenu huet.

Mat dëser Konklusioun, Här President, wéilt ech d'Boucel boucléieren an d'Problematik vun der Aarmutt a vun der ekonomescher Ongläichheet an de Kontext vun deenen Aussoe setzen, déi ech am Ufank gemaach hunn, a vläicht nach eng Kéier zréckkommen op d'Roll vun der Wirtschaft.

Ech wéilt do nach eng Kéier d'Madame Janneke Plantenga zitéieren: „There is a danger that this economic debate has a rather instrumental perspective on gender equality, focussing rather heavily on the female employment rate. Equal opportunities, however, should not only be seen as a means to another (economic) end - for example a higher growth rate. Equal opportunities policy is also important in itself. In economic terms: it is not only a production factor but also creates a final good, a consumer good. We derive a direct utility, welfare, from a just, a caring and an equal society."

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Wagener. Den nächste Riedner ass den Här Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

***(Interruptions)***

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. „Déi Länner, déi sexuell Diskriminatioun bedreiwen, bezuelen en héijen Tribut ënner Form vun Aarmutt, luesem Wuesstum, schlechter Gestioun vun den öffentlechen Affären an niddregem Liewensniveau." Dëst Zitat aus engem Bericht vun der Weltbank iwwert d'Stimuléierung vun der Entwécklung duerch Gläichheet tëschent Männer a Fraen schéckt d'Commission de l'Egalité des Chances hirem schrëftleche Bericht fir dës Debatt viraus, e Bericht an deem si sech ausschwätzt fir eng, ech zitéieren: „wierklech egalitär Gesellschaft, wou de Statut vun enger Persoun net méi vu sengem Geschlecht ofhänkt".

Eleng déi Zilstellung mécht kloer, dass et sech hei net ëm eng Debatt handelt, déi nëmmen déi eng Halschent vun der Mënschheet betrëfft, och wann dat schonn eleng géif duer goe fir se zu engem zentrale gesellschaftlechen Thema ze maachen, mä déi Debatt mécht au contraire kloer, dass se all déi ekonomesch a sozial Problemer touchéiert, déi sech an eiser Gesellschaft stellen, an dat souwuel fir d'Männer wéi och d'Fraen. Dat beweist eleng schonn den Inventaire vun de Problemer, déi am Rapport ugeschnidde ginn.

Fänke mer bei der Situatioun um Aarbechtsmaart un. Ech ginn dovun aus, dass déi gläichberechtegt Bedeelegung vun de Fraen un der Beruffswelt, do wou de kollektive Räichtum vun der Gesellschaft geschafe gëtt, den entscheedenden Hiewel net nëmme vun enger méi gläicher an enger méi gerechter, mä och vun enger méi produktiver an enger méi kreativer Gesellschaft ass.

Dat war net ëmmer esou unerkannt. Souwuel d'Kierch wéi och heiansdo déi traditionell Aarbechterbeweegung hunn dat am lescht Jorhonnert net onbedéngt esou gesinn. Haut ass en Ëmdenken an der ganzer Gesellschaft do a laanscht gewësse Realitéite kënnt kee méi. Et ass just d'Fro gestallt, wéi een en neie Konservatismus an der Fraefro ka verhënneren, an ech mengen dat ass zimlech däitlech a kloer op enger Table ronde an der Televisioun gesot ginn, en neie Konservatismus, deen d'Frae géif an Deelzäitaarbecht erandreiwen a se géif a gewësse wirtschaftleche Beräicher cantonnéieren.

Heiansdo kritt een awer Zweifel, ob net grad dat geplangt ass, zum Beispill wann een dee Rapport liest, deen eis hei virläit, wou zum Beispill sech Gedanken driwwer gemaach gi wat ee soll maachen, wann de Patronat sech géif duerchsetze mat senger Fuerderung fir d'Erofsetze vum Congé parental op dräi Méint. Da gëtt an deem Rapport no Alternative gesicht amplaz ganz kloer an däitlech ze soen: Do hu mir eng Opposition formelle dergéint an dat däerf ënner kengen Ëmstänn geschéien, dass dee Congé parental erofgesat gëtt.

Da gëtt zum Beispill och an deem Rapport geschwat - op eng bedenklech Aart a Weis, menger Meenung no - vun engem verstäerkte Réckgréff op Deelzäitaarbecht als Léisung vum Problem Beruff a Kannererzéiung, awer dann héchstwahrscheinlech an der gesellschaftlecher Realitéit um Bockel vun de Fraen, amplaz offensiv zum Beispill d'Fuerderung vun der Aarbechtszäitverkierzung fir Mann a fir Fra ze stellen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Dir Dammen an Dir Hären, wuel ass d'Beruffstätegkeet vun de Fraen zimlech däitlech geklomme par rapport zu de 70er Joren, wou nëmmen e bësse méi wéi all drëtt Fra geschafft huet. Haut schafft méi wéi all zweet Fra, mä géigeniwwer vun dräi vu véier Männer, déi schaffen, ass dat nach eng kloer Ënnerrepresentéierung. D'Fraenaarbecht ass och ganz ongläich verdeelt. Wann een zum Beispill d'Nationalitéite kuckt, esou schaffen nëmmen 48% vun de Lëtzebuerger Fraen, awer 63% vun de portugisesche Fraen. Oder et kuckt ee wéi d'Fraenaarbecht opgedeelt ass op déi verschidde Beruffer a wirtschaftlech Beräicher. Frae si virun allem iwwerduerchschnëttlech vertratt am Bildungs- a Gesondheetswiesen, an de Servicer, am Bankesektor oder och an de Verwaltungen insgesamt, wann een den Enseignement derbäi rechent. Woubäi se sech awer virun allem an deene mëttlere Carrièren erëmfannen. Si sinn och do vertratt, wou am mannste verdéngt gëtt, zum Beispill am Botzsektor oder bei de Servicer allgemeng.

Lounënnerscheeder zu de Männer à carrière égale weise sech am mannsten an de Verwaltungen a bei de wëssenschaftleche Beruffer, also virun allem a staatleche Beräicher, déi duerch Gesetzer och geschützt sinn, an a Branchë wou virun allem weiblech Aarbechtskräfte beschäftegt sinn, wou also kaum eng Konkurrenz mat Männer besteet.

Wat prekär Aarbechtsplazen um reguläre Aarbechtsmaart ugeet, esou muss ee feststellen, dass si zu Lëtzebuerg Gott sei Dank nach net esou verbreet si wéi an anere Länner. Esou hunn nëmmen 3,4% vun alle Salariéen e Contrat à durée déterminée, dorënner falen awer däitlech méi Frae wéi Männer. Während d'Interimsaarbecht virun allem jénger männlech Frontaliere betrëfft, esou maachen d'Fraen awer erwaardungsgeméiss de Gros vun der Deelzäitaarbecht aus: 35% vun den aktive Frae schaffen deelweis, awer nëmmen 8% vun de Männer.

Deelzäitaarbecht ass zwar wäitgehend fräiwëlleg gewielt, trotzdeem muss ee sech awer Gedanke maachen iwwert déi Obstaclen, déi nach ëmmer verhënneren, dass d'Frae gläichberechtegt mat de Männer op der Aarbecht sinn. Déi Obstaclë si villfälteger Natur.

Dat huet ze dinn zum Beispill mat der Ausbildung. Dat betrëfft virun allem déi méi eeler Fraen. Hei gëtt nach ëmmer keng seriö an och staatlech unerkannte Beruffsweiderbildung bedriwwen.

An der Tëschenzäit sinn d'Meedercher, wann och nach ëmmer mat sektoriellen Ausprägungen, deenen een awer muss wäitgehenst entgéintsteieren, an der Schoul de Jongen op d'mannst ebenbürteg. Dat mécht och Hoffnung fir d'Zukunft, wat d'Situatioun op der Aarbechtsplaz ugeet.

Et bleiwen awer ëmmer nach an der Schoul déi sozial Bremsen, déi iwwerdäitlech ervirtrieden. Dat huet och seng Ursaachen. Mir hunn am Fong geholl ze di mat enger paradoxaler Entwécklung. Zënter 20 Joer gëtt, favoriséiert duerch déi wirtschaftlech Entwécklung, eng däitlech Fraeförderungspolitik gemaach, déi haut hir Friichten dréit. Mä gläichzäiteg ass awer an deene selwechten 20 Joer alles gemaach gi fir d'sozial Gläichheet vun de Mënschen, déi an den 80er Joren en appréciabelen Niveau erreecht hat, duerch staatlech Déngschtleeschtungen ënnert dem Gestehungspräis, finanzéiert duerch Steieren op de Betriber an och duerch déi sozial Sécherheet, déi mer hunn, et ass alles gemaach gi fir déi sozial Gläichheet schrëttweis an ëmmer méi accéléréiert zréck ze rullen duerch déi neoliberal Offensiv, ënnert där awer och erëm eng Kéier iwwer-

duerchschnëttlech et d'Frae sinn, déi dodrënner ze leiden hunn.

Wat d'Lëtzebuerger Schoul ugeet, vun där ech virdru geschwat hunn, do sinn déi egalitär Usätz, déi et an de 70er Joren, ganz punktuell zwar nëmmen, gouf a Richtung Gesamtschoul, ëmmer méi selektiv zréck geholl ginn, an eis Lëtzebuerger Schoul ass haut esou selektiv an esou segregationistesch wéi een et sech nëmme ka virstellen. Mer hunn an der PISA-Etüd ganz däitlech d'Resultater dovu matgedeelt kritt.

Mä och an der Schoul, mengen ech, kucken d'Schülerinnen, d'Schüler an hir Elteren net méi laang no wéi systematesch no ënne selektionéiert, segregationéiert a getruede gëtt. Och wäerten d'Meedercher an d'Frae virbäi si bei deem Widderstand, dee sech maache muss, och an der Schoul, géint déi Ausriichtung do. Do wäerten och Meedercher a Frae mat dobäi sinn, déi grad an der Diskussioun ëm d'Fraerechter geléiert hunn, dass een et nëmmen zu eppes bréngt, wann ee sech aktiv a vun ënne fir Verbesserungen asetzt. Drock entsteet nëmme vun ënnen. Dat gëlt och fir aner Froen, déi méi an den direkte private Beräich eraginn.

Ech schwätze vun der Opdeelung vun der Hausaarbecht a vun der Erzéiungsaarbecht tëschent Männer a Fraen. Natierlech sinn do an éischter Linn d'Männer gefuerdert. Mä et stellt sech awer och d'Fro vun der Haushalts- an Erzéiungsaarbecht an dem Kontext vun enger substanzieller Aarbechtszäitverkierzung, déi elo scho méiglech ass, well jo méi Leit schaffe ginn. Wa méi Frae schaffe ginn, gi méi Leit insgesamt schaffen, gëtt och méi wirtschaftleche Wäert geschaf-fen, an d'Fro ass, dass dee Wäert ëmgewandelt gëtt a méi Fräizäit an net a méi Profit. Dat ass déi Fro, mengen ech, déi sech hei ganz däitlech stellt.

Et stellt sech och d'Fro vu méi kollektive Betreiungsméiglechkeete vun de Kanner, wou et grouss Karenze gëtt. Et gëtt laang Waardelëschte bei de Crèchen. Et gëtt net genuch paraschoulesch Aktivitéiten a villen, besonnesch klenge Gemengen, an et gëtt awer dat onbezuelten Asprange vun de Grousselteren, déi an Zukunft awer och méi aktiv an der Beruffswelt wäerten täteg sinn a keng Zäit méi dofir wäerten hunn.

Et ass och d'Fro gestallt vu gudde kollektiven Transportméiglechkeeten op d'Aarbecht, vun enger gudder Offerte vun Akafsméiglechkeete a vun deene villfältegsten Déngschtleeschtungen an den Dierfer a Quartiere fir de Familljen d'Aarbecht ze erliichteren. Dat setzt awer erëm eng Kéier, Här President, eng ganz aner Politik viraus, déi och déi néideg Steiermëttelen heifir zur Verfügung stellt, fir déi kollektiv Infrastrukturen de Mënschen an enger Form zur Verfügung ze stellen, dass se sech se och leeschte kënnen, also ënnert dem Gestehungspräis, respektiv un de Loun ugepasst. Et ass awer de Contraire, wat de Moment geschitt.

Et ass och d'Fro gestallt - a si muss endlech geléist ginn - vun der individueller Ofsécherung bei der Sécurité sociale, zum Beispill am Fall vun Ënnerbrieche vun der Carrière, och vun der individueller Besteierung, fir dass d'Aarbecht an net d'Opgi vun der Aarbecht méi interessant gëtt. Dat setzt eng ganz aner Ëmverdeelungspolitik viraus, déi de Präis vun der Aarbecht unerkennt, amplaz se systematesch ze dévaloriséieren. Dat setzt och erëm politesch Ziler viraus, déi de Wuelstand an d'Gläichheet vun de Leit, vun alle Leit, zum Zil hunn, an net Compétitivitéit à tout prix, net d'Course au profit an net d'Explosioun vun Inégalitéiten.

Déi Ziler, déi sech hei an deem Rapport gestallt ginn an déi deelweis och ganz richteg sinn, déi Ziler vu Gläichstellung a vu Förderung vun de Fraen, stinn awer a ganz wesentleche Punkte systematesch am Widdersproch a ginn hannerdriwwe vun der offizieller Politik, déi vun dëser Regierung gemaach gëtt. Dofir mengen ech, dass och weiderhin nach ëmmer dat gëllt, dass sech nëmmen eppes uewen deet, wa sech ënnen eppes réiert.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydie Err agedroen. D'Madame Err huet d'Wuert.

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Keng Gesellschaft, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, kann ongestrooft op d'Halschent vun der Aarbechtskraaft vum gesellschaftlechen Asaz a vu kulturellen Talenter vu senger Bevölkerung verzichten. Wa Lëtzebuerg dat mécht, da mécht och Lëtzebuerg dat net ongestrooft.

Zum Thema vun dem Rapport vun dëser Debatt wollt ech ganz kloer am Ufank soen, dass ech net d'accord war mam Choix vun dësem Thema. Ech wollt kuerz erklären, firwat dat de Fall ass an op dat zréckkommen, wat meng Propositioune waren, vu dass de Sujet esou vaste ass, alles an näischt erapasst, jiddefalls och heiranner passe kann.

Ech sinn der Meenung, dass e Sujet wéi deen heiten: „La situation économique et sociale des femmes“ esou weit ass, dass ee sech net kann erwaarden, besonnesch wann de Rapport sech op eng Bestandsopnahm a sengem groussen Deel reduzéiert, fir dass ee konkret Konklusioune kënnt doraus zéien, déi et engem géifen erméigleche mat engem konkreten Impakt an der Zukunft ze rechnen.

Déi zwou Motiounen, déi hei virleien, déi weise ganz kloer, dass meng Bedenken, déi ech ugangs beim Choix vum Thema ausgedréckt hat, sech an der Praxis nidderschloen, well ausser Statistiken a Mikrofinanzen an enger ganz vaguer Formulatioun - an ech komme spéider dorobber zréck -, keng Konklusioun aus dësem Bericht ze zéien ass an domadder och vu vireran ausgeschloss ass, dass konkret Retombéeë sech dovunner ze erwaarde wären.

Ech wëll kuerz op e Rapport zréckkommen, dee mer zum 8. Mäerz hei gemaach hunn am Joer 2001, an zwar ee Virbericht esou ze soen iwwert d'Violences domestiques, dee ganz kloer weist, dass dat eppes ass wat praktesche Mehrwäert huet, well haut si mer op deem Punkt, dass deen zoustännege Ministère en Text ausgeschafft huet dee problematesch ass, dee komplizéiert ass, deen op vill Oppositioune stéisst, deen aviséiert gëtt, ëmgeännert gëtt, mä deen a kuerzer Zukunft kënnt, ob et passt oder ob et net passt. Ech mengen, dat ass den Zweck vun engem Dag wéi dem 8. Mäerz, fir eppes heibannen ze maachen, wat mar oder iwwermar praktesche Mehrwäert kënnt hunn.

Dat ass leider dës Kéier net de Fall. Dat ass och déi Ursaach, firwat ech mech enthalen hu beim Rapport, an dat ass och déi Ursaach, firwat ech elo wëll vun anere Saache schwätze wéi vun deem, wat am Rapport steet, well dat a mengen Ae méi wichteg ass oder prinzipiell méi wichteg ass wéi Statistike sammelen, déi mer mol net kënne ganz oft mat konkreten Zuelen ënnerleeën.

Ech wëll vläicht kuerz soen, dass meng Konterpropositioune fir de Rapport vun haut ënner anerem d'Mikrokreditter waren. Dat ass verworf ginn. Mir hunn awer elo eng Motioun iwwer Mikrokreditter hei virleien, an ech wollt just virgräifen a soen, dass ech déi Iddi vun de Mikrofinanzen en général eng ganz interessant Iddi fannen, besonnesch well ech och an der Coopératioun ganz vill domat geschafft hunn, an dat och weider an der Coopératioun esou leeft, mä dass ech mer leider net sécher sinn, wat een, op engem Entwécklungsstand, wéi et zu Lëtzebuerg de Fall ass, mat Mikrokreditter kann ufänken, wat d'Héicht vun deene Montante muss sinn, wat d'Formalitéite sinn, kuerz alles dat wat eventuell de Fraen et géing erlabe sech selbststänneg ze maachen.

Dofir hunn ech bei eiser spezialiséierter ONG vu Lëtzebuerg, bei der ADA, Appui au développement autonome, gefrot, si sollten eng Enquête maachen, fir festzestelle wéi vill kleng Kreditter eis Banken an deene leschte Jore ginn hu fir kleng Betriber opzeriichten, notamment fir Fraen, fir ze kucken ob ausser de Garantië fir ee Prêt ze kréien, ausser Autorisatiounen an administrativ Schikanen et aner Obstaclë gëtt. Ech hu versprach kritt, fir an zwee oder spéitstens dräi Méint eng éischt Etüd iwwert déi Froen do virleien ze hunn, an da kënnt ee weider kucken, op Basis vun deene Renseignementer an deem Comité de Travail, deen an der Motioun ugeschwat ginn ass, ob et iwwerhaapt Sënn mécht déi Mikrofinanzen zu Lëtzebuerg am Kader vun der Selbststännegkeet, besonnesch vun de Fraen, anzesetzen. De Moment wësse mer menges Erachtens net genuch fir déi Motioun 2 an dësem Stadium unzehuelen, an ech géif och dofir proposéiere sech de Moment ze enthalen an ofzewaarde wat déi éischt Enquêten op deem Gebitt do brénge wäerten.

Eng zweet Propositioun, déi ech gemaach hunn, war de CEDAR-Bericht hei auserneenzehuelen. Dat ass de véierte Bericht, deen op Basis vun der UNO-Konventioun géint d'Eliminatioune géint d'Fraen zu New York am Januar presentéiert ginn ass, a wou et a mengen Aen ëm essentiell Froe geet, essentiell Froen net nëmmen an Texter, well ganz oft ass et jo hei esou, dass wann een op international Rechtsinstrumenter steet, dass de Kapp gerëselt gëtt a geduecht gëtt, dat géif de Fraen um Terrain konkret näischt bréngen. Ech wäert probéieren ze beweisen, dass deem net esou ass, an dass déi Konklusiounen, déi beim véierte Lëtzebuerger CEDAR-Bericht erauskomm sinn, sécherlech, wa se aneschters gewiescht wieren, de Fraen an de Männer zu Lëtzebuerg konkret hätte kënne weiderhëllefen.

Ier ech zu deem Sujet méi prezis kommen, wollt ech just nach ee Wuert soen zur Aarbechtsmethod an der Kommissioun zu dësem Bericht, wéi iwwregens och zu deenen anere Berichter virdrun.

Mir haten en Hearing mat zwou, dräi Organisatiounen, an alles wat vu Material agesammelt ginn ass, ass probéiert ginn an enger geraffter Form zu enger Bestandsopnahm an e Rapport erafléissen ze loossen, deen a sech och keng Konklusioune geholl huet, an d'Motioune beweisen, dass et schwéier, wann net onméiglech ass, aner Konklusiounen ze huele wéi déi, déi proposéiert gi mat engem Bericht, deen esou vague ass. Ech fannen et dramatesch, dass ëmmer erëm d'Chamber sech muss Leit vu baussen eraruffen, fir eppes virgeknat ze kréien, fir Froen ze beäntweren, déi mir eigentlech gutt placéiert wäre fir selwer ze kennen, fir domadder eppes ze maachen, wou ee konkret näischt ufänke kann, an och fir d'Zukunft keng Jalone méiglech mécht ze setzen.

Ech fannen et bedauerlech an ech géif et begréissen, wa bei engem nächste Rapport wierklech géif kontradiktoresch diskutéiert gi fir e gemeinsame Sujet erauszesichen, dee konkret Répercussioune kann hunn, dass gemeinsam géif dru geschafft ginn, gemeinsam diskutéiert ginn, an dass net op eemol vun engem Dag op deen aneren e fäerdege Bericht virläit, deen een nach just kann huelen oder stoe loossen. Ech fir mäin Deel hunn op jidde Fall léiwer esou ee Bericht stoe gelooss, wéi en unzehuelen, just fir dass alles sech an allgemenger Gefällegkeet soll opléisen.

Positiv zur Egalitéitskommissioun war een Element an dësem Joer, dat leider net zu dëser Debatt matgeduecht huet, an dat war en fait eppes wat ee kënnt ënnert d'Rubrik Mainstreaming fale loossen a wat op Initiativ vum Renée Wagener zréckgaangen ass, wou e Bericht gemaach ginn ass, d'Positioun vun der Kommissioun vun der Promotion féminine iwwert d'Loi électorale. Ech fannen dass dat eng ganz interessant Approche ass. Leider war den Impakt an der Praxis null, well scho virdrun ofgemaach war, anscheinend tëschent de Parteien, dass een an eng gewësse Marschrichtung géif goen an dass all déi Saachen, déi richteg waren an deem Rapport - an déi hätte missten hiren Nidderschlag fannen an der Loi électorale - net ugeholl gi sinn.

Dat ass bedauerlech. Et kann een trotzdeem awer begréissen, dass et esou eppes wéi eng Aart Mainstreaming an der Kommissioun jee eng Kéier ginn ass, an et kann ee just an deemselwechten Otemzuch bedaueren, wivill verpasste Chancë vu Mainstreaming mer hate bei anere Gesetzesprojeten, wéi beispillsweis dee vun der Horesca, vun der Horeca, dee vun der Mindestloundebatt oder vun der Erhéijung vum Kannergeld, alles Dossieren déi wierklech eng ganz wichteg Dimensioun hunn, déi d'Frae betrëfft, an déi ganz logesch gewiescht wiere vun der Fraekommissioun analyséiert ze ginn, a wat gëschter an haut net war, ka mar vläicht ginn.

Dofir meng Propositioun, amplaz seicht Berichter ze maachen zu engem Thema, mat deem ee konkret näischt kann ufänken, wier et interessant déi Texter ze kucken, déi an deenen nächste Wochen a Méint sollen hei ofgestëmmt ginn, an déi d'Gender-Dimension an deene Berichter ënnersträichen, an hei eng Positioun zu normale Gesetzer aus anere Spezialkommissiounen ze huelen, net am Numm vun engem Eenzelnen, mä am Numm vun enger Kommissioun, déi censéiert ass sech ëm Gläichberechtegungsfroen an der Gesetzgebung en général ze interesséieren.

Esou wäit zu deene puer Iwwerleeungen. Zum CEDAR-Bericht selwer, an dat ass eppes wat mer um Häerz läit, och wann de Chamberbureau net fonnt huet, dass et noutwendeg wier d'Chamber ze associéieren un déi Übung, déi wäit méi wéi eng theoretesch Übung zu New York war, och da wann d'ONGen zwar d'Recht haten, an ech begréissen dat prinzipiell, fir Partie ze maache vun där Delegatioun, déi dee Bericht zu New York vertrueden huet, fannen ech, dass et trotz allem derwäert ass, mat deem wat mer aus de Pabeieren erausfonnt hunn, e Wuert op dëser Tribün ze soen an ze weise wéi och déi Saachen, déi zu New York diskutéiert gi sinn, am deegleche Liewen zu Lëtzebuerg hiren Nidderschlag kënnte fannen.

E puer Wuert dofir zu de Konklusiounen, déi vun dëser „Examenskommissioun“ zu New York zum Lëtzebuerger Bericht komm sinn, Examenskommissioun wou iwwregens, Madame Minister, an ech leeën Iech dat ganz besonnesch un d'Häerz, et ganz schéi wär, wann och e klengt Land wéi Lëtzebuerg enges Daags kënnt e Member dran hunn. Ech war virun e puer Wochen op enger Sitzung an Ungarn, an ech hunn do eng Fra begéint, déi an der CEDAR-Kommissioun war, an Ungarn war net e bësse stolz als klengt Land, als nei Demokratie, déi Éier ze hunn, do vertrueden ze sinn. Ech mengen dat wat Ungarn ënnert deenen Ëmstänn, déi seng sinn, gepackt huet, misst eigentlech och fir Lëtzebuerg méiglech sinn.

D'Komplimenter zu New York, Madame Minister, Dir hutt se héieren, et deet mir dofir Leed, dass Der lech dat nach eng Kéier musst unhéieren. Dir héiert se net oft, ech zielen Iech déi puer Komplimenter op, an déi puer Problemer, déi do ënnerstrach gi sinn, well ech wierklech der Meenung sinn, dass dat wichteg ass.

Begréisst ass ginn, dass e Protocole facultatif op der Procédure législative war, an ech fannen et eigentlech bedauerlech, dass net déi Saachen, déi mam CEDAR zesummenhänken, dat sinn zwee oder dräi kleng Projeten, haut hätte kënnen am Kader vun dëser Debatt zesummen evakuéiert ginn. Dat wier wahrscheinlech ze vill zesummenhängend an ze vill logesch gewiescht. Dofir konnt et dach och net sinn.

Dat zweet Kompliment, wat gemaach ginn ass, ass eben, dass och e Gesetz iwwert d'Violence domestique ënnerwee ass, an och wa mer alleguerten, oder verschidde Leit heibannen, déi Krämp kennen, déi dat Gesetz nach kaschte wäert, esou ass dat sécherlech derwäert, fir sech driwwer ze freeën. Och dass mer zënter deem leschten nationale Bericht e Gesetz iwwert den Harcèlement sexuel hunn, e Gesetz kruten iwwert d'Procédure d'asile, dass eise Prozentsaz vu Fraen, déi schaffen, eropgaangen ass, dass eis Coopération au développement och Fraeprojete mécht. Déi puer Saache si sécherlech begréisst ginn, an déi maachen eis trotz aller Onzefriddenheet iwwert déi aner Saachen alt e bësselche Freed.

Begréisst ass och ginn, an ech mengen dass dat e Kompliment ass wat derwäert ass och hei eng Kéier ënnerstrach ze ginn, dass d'Ministesch selwer op der Spëtzt vun der Delegatioun war, déi zu New York deen Examen do passéiert huet, an dass de Prozentsaz vun de Fraen an der Politik net deen allerschlechtsten aus ganz Europa ass, och da wann en nach ëmmer ze niddreg ass par rapport zu deem wat mer gären hätten.

Dat ass et awer dann och scho mat deene gudden Nouvellen. Ech kommen dann zu deenen aneren, an eigentlech sinn och déi vill méi interessant, well dat ass do wou Handlungsbedarf ass a wou ech probéiere wäert lech ze beweisen, firwat et praktesch wichteg wier, dass mer géingen eppes maachen.

Zwou Saachen si fir mech essentiell vun deenen, déi zu New York gesot gi sinn. Eischtens ass bedauert ginn, a mat Recht, dass nach ëmmer den Egalitéitsprinzip an eiser Verfassung net ageschriwwe ginn ass an dass mer nach ëmmer keng Autorisatioun fir positiv Aktiounen an iergendengem Text hunn, net nëmmen an der Verfassung, mä och net an engem anere Gesetz.

Firwat ass dat heite wichteg, firwat ass dat heite prakteschen Nährwäert, net nëmme fir d'Fraen zu Lëtzebuerg, mä och fir d'Männer, wäert ech probéieren Iech ze beweisen. Wa mer nämlech, an ech wëll an deem Kontext vläicht och ganz kuerz op deen zweeten Avis complémentaire vum Statsrot zum Artikel 11.2 hiweisen, deen eng Propositioun gemaach huet, mat där mir Männer a Fraen heibannen an dobausse vill besser zerwéiert wiere wéi dat, wat de Moment vun der Chamberskommissioun virgeschloe ginn ass. Firwat, well eben déi Actions positives an deem neien Text vum Statsrot dra sinn, déi an enger Form, an esou enger verwässerter Form implicite an der Formulatioun virdrun dra waren, dass een net sécher hätt kënne sinn, dass, wann een den Artikel vun der Verfassung, wéi d'Chamberskommissioun e virgeschloen huet, wëll um Geriicht geltend maachen, een net sécher weess, wat eraus komm wier bei enger Décisioun um Geriicht.

Wa mer déi Formulatioun, wéi se de Moment vum Statsrot virläit, géifen unhuelen, da géif dat beispillsweis heeschen, wa festgestallt gëtt, dass an engem gläichwäertege Beruff mat enger gläichwäerteger Ausbildung zwee Leit déiselwecht Aarbecht maachen, mä de Mann beispillsweis méi verdéngt wéi d'Fra, dass kënnt dann op Basis vun engem Artikel, wou Actiouns positives an der Verfassung méiglech gemaach gi sinn, kënnt geklot ginn a gesot ginn, dass dat onzoulässeg ass par rapport zu deem Artikel an dass dann, wa positiv Diskriminatiounen oder positiv Aktiounen an der Verfassung stinn, an net an engem Gesetz, d'Geriichter logescherweis misste soen, wa se feststellen dass déi Gläichwäertegkeet vun der Aarbecht a vun der Ausbildung ginn ass, et onannehmbar ass, dass dee Moment eng Differenz am Gehalt kënnt justifiéiert sinn.

Dat heescht, dass een net nëmme bei Gehälterdiskriminatioune mä och bei Astellunge kéint op een Artikel aus der Verfassung zréckgräife fir déi Egalitéit, déi mer an der Praxis wëssen, dass se net besteet, Schrëtt fir Schrëtt kënnen an d'Praxis ëmzesetzen, mä dat setzt viraus, dass mer net nëmmen ee Gesetz kréie wou Gläichstellung en général méi wäit geet wéi am Gesetz vun 1983, virun allem fir net ze riskéieren, dass d'Geriichter géinge soen, dass eng Klo, déi fir Diskriminatioun gemaach gëtt, net am Aklang géif stoe mam Egalitéitsprinzip, an dofir misste mer absolut déi positiv Aktiounen an eis Verfassung erakréien.

Iwwregens ass et och esou, dass déi europäesch Jurisprudenz vum Kierchbierg eng Evolutioun gemaach huet, déi sech weise léisst. A wann eis Riichtere géife mat op dee Wee goen, et duerchaus denkbar wär, wann den Egalitéitsprinzip an déi positiv Aktiounen an d'Verfassung géinge kommen, dass iwwert de Wee vun der Jurisprudenz verschidden Diskriminatiounen, déi zu Lëtzebuerg bestinn, kéinten de Garaus gemaach kréien.

Ech fannen, dass et wichteg dofir wär, net nëmme vu Paien a vu Crashen ze schwätzen, mä vun Instrumenter déi et méiglech maache sech an der Praxis op konkret Saachen ze baséieren.

Eng zweet Fro, déi zu New York ugeschwat ginn ass - an och déi läit mer um Häerz -, ass déi vun der Ophiewung vun de Reserven zur Konventioun, déi mer schonn éiweg versprach hunn awer nach ëmmer net gemaach hunn, wou mer fir eng jiddefalls zoustänneg sinn, an zwar déi Reserv, déi mer gemaach hu wat den Numm vun de Kanner vu bestuetene Leit ubelaangt. Déi aner ass d'Ierffolleg an der Maison Grand-ducale. Do hu mer manner Handlungsspillraum.

Et bleift dass dat, wat Dir, Madame Minister, zu New York gesot hutt, well ech hu gelies wat Dir gesot hutt, a mengen Aen net duergeet fir dem Artikel 16 vun der Konventioun Rechnung ze droen, well och wann Der de Choix opmaacht fir Kanner vu bestuetene Leit, dass se kënnen der Mamm oder dem Papp hiren Numm huelen, an dass en cas de désaccord deen Éischten am ABC vir ass, do ze soen, dass dat nëmme ka gëlle fir déi Kanner, déi mar oder iwwermar op d'Welt kommen, dat heescht nach ëmmer, dass als déi Kanner, déi haut schonn en Numm hunn an déi eventuell vläicht aus perséinlechen oder wat fir engen Ursaachen och ëmmer den Numm vun hirem anere Elterendeel gären hätten, deen net kënnen huelen. Dofir denken ech, dass dat do net duergeet.

A wann Der net nach gären eng Kéier, Madame Minister, Dir oder soss een, op d'Fangere geklappt kritt mat deemselwechten Artikel, mengen ech, wäre mer alleguer gutt beroden, eng kleng Schëpp bäizeleeë bei dësem Gesetzesprojet, deen de Justizminister jo agereecht huet an deen, wéinstens wat d'Apparencen ubelaangt, géif Satisfaktioun ginn an engem gewësse Mooss dësem Artikel 16.

Déi lescht Fro, op déi ech wëll zréckkommen, ass déi vum Fraenhandel, wou Der jo och net douce ëmfaange gi sidd. Ech wëll hei net déi ganz Problematik opwerfen, mä et ass eng Tatsaach dass, esou wéi et zu Lëtzebuerg geet wat Fraenhandel, Prostitutioun, Proxénétismus ubelaangt, et net esou ka weidergoen. Et kann net sinn, dass esou genannten Artistinnen ouni Ausbildung ganz kloer gewosst als Prostituéiert op Lëtzebuerg kommen. D'Land gëtt iwwerschwemmt mat enger Zort vu Leit, déi exploitéiert gi vun enger ganzer Fauna déi do ronderëm spillt, ob dat elo Leit sinn aus de Cabareten, Zuhälter im wahrsten Sinn des Wortes, Propriétairen déi hir Wunnengen zu horrente Präisser verlounen, och wa se wësse wat an hiren Appartementer geschitt, an Ähnleches. Et kann net sinn, dass och mar nach, wann e Problem do ass, déi Fraen, also d'Victimen, ausgewise ginn, während déi, déi se exploitéieren, hei nach ëmmer stolz dorëmmer spadséieren. Dat waren déi puer Reflexiounen, déi ech wollt zur CEDAW-Konventioun maachen.

Ech wollt awer nach zwou Déceptiounen Ausdrock ginn, déi dëse Rapport vun haut mir inspiréiert, an zwar dass et méiglech ass an dësen Zäiten e Rapport zur Egalitéit ze maachen a kee Wuert ze schwätzen iwwer e grousse Problem, deen a mengen Aen deen ass vun der europäescher Konventioun, wou och mir als Chamber gutt berode gewiescht wären eise Pefferkär bäizeleeën, wat d'Inscriptioun vum Egalitéitsprinzip, vum Principe de non-discrimination an eis zukünfteg europäesch Verfassung betrëfft; och wann een iwwert déi sozial Situatioun vu Lëtzebuerg schwätzt, kee Wuert gesot ginn ass iwwert de Congé parental, dee jo net ganz kloer ass wat d'Zukunft ubelaangt a wou Verbesserungsvirschléi iwwer Liewensdauer an ähnlech Froen, déi ganz wichteg wären, prinzipiell méi wichteg wéi praktesch sécherlech, hätte missen ugeschwat ginn. Dofir eng Hoffnung fir d'nächst Joer, dass mer et da wäerte fäerdeg bréngen e prezise Rapport ze maachen, mat deem mer iwwermar eventuell kënne konkret Konklusiounen zu Lëtzebuerg erwaarden.

Zu de Motioune ganz kuerz. Bei der éischter Motioun stellen ech fest, dass, obschonn d'lescht Woch, wéi de Rapport an enger eenzeger Sëtzung diskutéiert an ugeholl ginn ass, ech proposéiert hat, et wär net domm eng Motioun gemeinsam als Kommissioun ze maachen, ech natierlech do vun der Majoritéit ëmgedréint gi sinn, an ech elo hei eng Motioun virfannen, déi vu Leit mat ënnerschriwwen ass, déi an der Kommissioun net derbäi waren a wou et am Fong just drëms geet fir Statistiken ze verlaangen, déi zweifelsohne noutwendeg sinn, mä déi Statistike gi verlaangt vun deene Leit déi wuel ënnerschriwwen hunn, awer net déi Amendementer vun der Loi électorale matgedroen hunn, déi d'Madame Wagener proposéiert huet, wéi dat Gesetz ofgestëmmt ginn ass, an déi et emol méiglech gemaach hätten d'Wahlverhale vun de Lëtzebuerger an de Lëtzebuergerinne méi genau ze analyséieren. Ech fannen, dass déi Motioun hei vun enger Iwwerflächlechkeet ass, besonnesch wann ee gesäit dass déi Leit déi froen net amstand waren, wat d'Analys vu politesche Wahlresultater ubelaangt, op dee Wee matzegoen. Ech fannen, dass et net derwäert ass, déi Motioun ze stëmmen.

Zu der zweeter Motioun, déi iwwert d'Mikrofinanzen, hunn ech Iech aganks gesot, wat ech dovunner halen. Ech denken, dass et eng gutt Iddi ass et ze checken an dass dee Groupe de travail ad hoc, deen d'Regierung wëllt en place setzen am Fraeministère oder am Gläichheetsministère, eng gutt Saach ass, mä dass et de Moment ze fréi ass, well mer absolut keng Donnéeën hunn, wat déi Montanten an déi Techniken ubelaangt, déi ee misst kennen, fir dass dee Groupe de travail iwwerhaapt kéint schaffen. Dofir mengen ech, dass et e bësse verfréit ass an dass ee soll ofwaarde wat déi éischt Resultater vun der ADA sinn, an dass een déi da weidergëtt an deen Aarbechtsgrupp. Ech hu kee Problem mam Fong, ech denke just dass deen Aarbechtsgrupp, wéi en elo virgesinn ass, absolut näischt ka schaffen, well mer keng Donnéeën hunn.

M. le Président.- Den Här Jaerling ass als leschten Diskussiounsriedner agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem meng Virriednerinnen a méi engem engagéierte Stil hir Siicht iwwert d'Situatioun vun de Fraen hei virbruecht hunn, wëll ech versichen dëst Thema esou objektiv wéi méiglech unzegoen, awer aus der Siicht vun de Männer.

Engersäits wëll ech dem ADR seng politesch Positioun am Zesummenhang mat der Gläichberechtegung vun de Fraen hei virbréngen, anerersäits awer och d'Praxis um Aarbechtsmaart beliichte wat d'Gläichberechtegung vun de Fraen ubelaangt. Den ADR ass eng sozial engagéiert Partei, dat weess heibanne jiddfereen, déi sech asetzt fir Gläichberechtegung op allen Niveauen, also och Gläichberechtegung tëschent de Geschlechter.

Dem ADR säi Programm gesäit vir, dass een all Familljen an domat all Frae soll d'Méiglechkeet loossen ze wiele wéi se hiert Liewen organiséieren, a weder de Stat an nach soss een huet sech do anzemëschen. De Stat muss just d'Begleetmoossname fir déi Gläichberechtegung schafen.

Wann eng Fra, déi bestuet ass a Kanner huet, wëllt schaffe goen, da muss de Stat dofir suergen, dass se hiert Familljeliewen esou kann organiséieren, dass d'Kanner net drënner leiden. Den ADR trëtt dofir an, dass déi néideg Infrastrukture geschafe ginn, wéi zum Beispill Crèchen, Kantinen an de Schoulen, d'Upassung vun de Schoulzäiten un déi wierklech Besoinen an esou weider.

Wann awer d'Frae sech entscheede fir sech doheem ausschliesslech ëm d'Erzéiung vun hire Kanner ze këmmeren, da muss och dofir gesuergt sinn, dass se dat kënne maachen. Engersäits andeem hinne während der Erzéiungszäit déi néideg finanziell Moyenen zur Verfügung gestallt gi fir dat ouni Précaritéit kënnen ze maachen, anerersäits awer och dass se sozial esou ofgeséchert sinn, dass se spéider och eng Rent kréien an net vum Mann ofhängeg sinn. D'Viraussetzung fir dës sozial Ofsécherung an der Pensioun muss doduerch geschafe ginn, dass d'Pensiounsrechter während der Erzéiungszäit vun de Kanner garantéiert sinn, eng Erzéiungszäit déi net däerf nëmmen op véier Joer begrenzt sinn, mä déi eréischt no 12 Joer däerf eriwwer sinn. Den ADR kann och dofir net d'accord si mat deenen, déi versichen de Mammen, déi doheem bleiwe fir hir Kanner ze erzéien, e schlecht Gewëssen anzerieden oder - nach méi schlëmm - se als liddereg ze bezeechnen.

Et kann een nëmmen eng seriö Léisung an dësem Zesummenhang fannen, wann een de Choix vun alle Frae respektéiert. Et ass nämlech net esou dass all Frae sech besser fille wa se schaffe ginn an hir Kanner eleng loossen. Et gëtt och Fraen, an dat ass dee groussen Deel, déi sech léiwer géifen ëm hir Kanner këmmeren, wann dës Gesellschaft hinnen déi néideg Viraussetzungen dofir géif schafen.

Här President, dem ADR seng Iddie sinn zum Deel de 5. Juli 2002 scho realiséiert gi mat der Aféierung vun der Mammerent, déi jo och elo endlech soll ausbezuelt ginn. Et ass just bedauerlech, dass dat Ausbezuelen esou laang dauert. D'Regierung erkläert dat domadder, dass immens vill Demanden erakomm sinn, an dass se net nokommen. D'Regierung hat sécherlech erwaart, wéi se der Mammerent zougestëmmt huet, dass sech der vläicht nëmmen eng Dosë melle géifen.

Den ADR wäert sech op jidde Fall weiderhin dofir asetzen, dass och seng aner Fuerderungen duerchgesat ginn, an zwar net nëmmen d'Ofsécherung vun de Pensiounsrechter während der Erzéiungszäit, mä och déi finanziell Ofsécherung während där Zäit, fir dass d'Fra wierklech de Choix kritt dee se brauch fir hiert Familljeliewen esou ze organiséiere wéi se et am Interesse vun hire Kanner fir richteg hält, op där anerer Säit awer och esou dass d'Fra hiert Beruffs- a Familljeliewen optimal organiséiere kann, wa se de Choix trëfft fir schaffen ze goen. Jiddefalls mussen d'Kanner an de Vierdergrond gestallt ginn. D'Wuel vun de Kanner muss op jidde Fall Prioritéit hunn.

Här President, ee vun de Problemer, dee sech awer och am Zesummenhang mat der Organisatioun vum Familljeliewe vun deene schaffende Frae stellt, ass deen, wann d'Kanner an d'Primärschoul ginn. Mir verlaange vun de Salariéen ëmmer méi Flexibilitéit a Mobilitéit. Dat huet ganz oft e staarken Afloss op d'Organisatioun vum Familljeliewen, souwuel fir d'Fra wéi fir de Mann.

Vill Elteren a besonnesch Frae mat Kanner kréie keng Méiglechkeet an där Uertschaft eng Aarbecht ze fanne wou se wunnen, si sichen duerfir eng Méiglechkeet fir hir Kanner do an d'Schoul ze kréie wou se schaffen, wat et hinnen erméiglecht se mat dohinner ze huelen an erëm mat Heem. De Problem, dee sech do stellt, ass, dass duerch déi Chargen, déi d'Gemengen am Educatiounsberäich hunn, e Minerval ganz oft verlaangt gëtt fir Kanner, déi aus anere Gemenge kommen, e Minerval deen oft d'Grenz vum finanziell Erträglechen iwwerschreit.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Dës Minervalë gi verlaangt obwuel eis Verfassung kloer seet, dass d'Primärschoul muss gratis sinn. Och dëst ass eng Diskriminéierung vun de Fraen, déi wëlle schaffe goen. D'Politik muss eng Léisung fanne fir d'Schoul esou ze organiséieren, dass se fir jiddferee gratis ass. Et geet net duer dass mer de Salariéen ëmmer méi Flexibilitéit a Mobilitéit ofverlaange fir se dem modernen Aarbechtsmaart unzepassen, mer op där anerer Säit awer nach al verstëbste Gesetzer bestoe loossen, déi hinnen d'Liewe schwéier maachen.

Här President, eng weider positiv Mesure, déi den ADR duerchgesat huet, ass d'Erhéijung vun de Witwerenten. D'Ongerechtegkeet, déi do bestanen huet, ass mam Gesetz vum 24. Abrëll 1991 deelweis ofgeschaf ginn. 75% si vun dunn u gerechent ginn anstatt déi bis dohin 63% fir dem iwwerliewende Partner seng Rent. Et bleift do awer nach eng Ongerechtegkeet bestoen, well wann eng Fra stierft, déi net geschafft huet, behält de Mann 100% vu senger Rent, wann de Mann awer stierft, gëtt der Fra maximal 75% vun der Rent zougestanen, dat obwuel se déiselwecht Chargë behält wéi de Mann.

Den ADR wäert duerfir och net zu deene gehéieren, déi eng Individualiséierung vun de Rente verlaangen, well dat näischt anescht géif heesche wéi d'Ofschafe vun de Witwerenten. Och an der Diskussioun iwwert de Splitting vun de Rente soll ee ganz virsiichteg virgoen, dass een net fir ee soziale Fall aus der Welt ze schafen der dorauser zwee mécht oder de Sozialfall vun der Fra op de Mann verschiebt. Weider Verbesserungen, déi duerch dem ADR säin Asaz agefouert goufen, waren déi sougenannte Babyjoren, déi mam Gesetz vum 24. Abrëll 1991 vun 12 op 24 Méint ausgebaut goufen.

Här President, den ADR huet bewisen, dass hie sech fir Gläichberechtegung asetzt an dass hien och fäeg ass seng Iddien duerchzesetzen. Hie wäert dat och nach weiderhi maachen. Den ADR wäert an allen Hinsichte kloer Positioun bezéien a sech op kee Fall op Alibi-Verspriechen oder op hallefhäerzeg Solutiounen aloossen, déi de Frae méi schuede wéi notzen an domadder der wierklecher Gläichberechtegung absolut keen Déngscht leeschten.

Gläichberechtegung aféieren ass e laangwierege Prozess. Et duerf een net vergiessen, dass d'Diskriminéierung vun de Fraen an engem eelere Buch, wat iwwer 2000 Joer eis Gesellschaft dominéiert huet, festgeschriwwe war, an datt vu Säite vun där Ideologie och nach ëmmer gebremst gëtt, well an där Hierarchie d'Fraen nach ëmmer als zweetrangeg ugesi ginn. Et ass un der Politik fir laangfristeg déi richteg Weichen ze stellen an anhand vu vernünftegen an net ideologesch oder lobbyistesch beaflosste Gesetzer d'Gläichberechtegung esou ze gestalten, dass se deen Numm och verdéngt.

Här President, de Gesetzgeber huet besonnesch op den Drock hi vun de Gewerkschaften, déi déi alleréischt waren, déi sech fir d'Gläichberechtegung op der Aarbechtsplaz agesat hunn, d'Gläichberechtegung am Aarbechtsrecht festgeschriwwen. Wann dat an der Praxis net esou ëmgesat gëtt wéi dat soll sinn, dann ass dat net d'Schold vun de Gesetzer, mä dann ass dat d'Schold vun der Exekutiv.

Ech kenne kee Gesetz wat spezifesch fir d'Männer eleng soll gëllen. All d'Gesetzer, déi hei an der Chamber am Interesse vun der Fra gestëmmt gi sinn, si vun enger Majoritéit vu Männer gemaach ginn. Verschidden Acteuren, déi dës Gesetzer solle respektéieren, ginn awer an der Praxis hirer Aufgab net gerecht. Mir hunn an de leschte Jore wierklech all Efforte gemaach fir de Retard, deen am Zesummenhang mat de Fraerechter bestanen huet, opzehuelen. Dës Efforte sollen och weider gefouert ginn ouni awer an den Extremismus ze verfalen. Et muss een ëmmer oppassen, dass déi Rechter, déi een deem engen oder deem anere wëllt ginn, sech net kontraproduktiv op d'Integratioun um Aarbechtsmaart auswierken.

Huele mer zum Beispill de Congé parental. Dat war eng gutt Mesure, déi am PAN-Gesetz opgrond vun enger EU-Direktiv agefouert gouf. Wann ech d'Chiffere richteg interpretéieren, dann hu just 30% vun deene méigleche Bénéficiairen dës Méiglechkeet an Usproch geholl. Déi meescht dovunner ware Mammen. Nëmme 5,3% Pappen hu sech fir dës Méiglechkeet interesséiert, esou dass dës Mesure schonn eleng vun de plakege Chifferen hier net dee beschäftegungspoliteschen Erfolleg hat wéi dat erwaart ginn ass, och wann de Prozentsaz vun deenen, déi herno fest agestallt gi sinn, well se e Congé parental ersat hunn, mat 77% als zefriddestellend kann ugesi ginn.

Meeschtens sinn et Salariéë mat klenge Revenuen, déi de Congé parental an Usproch geholl hunn, well eben de Montant vun der Allocatioun gläich oder iwwert hirem normale Revenu loung. Salariéë mat méi héije Revenuen hu méi d'Tendenz fir de Congé parental

mat enger hallwer Tâche ze cumuléieren, wann dat méiglech ass, oder si verzichten ebe ganz drop. Et ass also an deem Beräich nach vill Iwwerzeegungsaarbecht ze maachen. Vläicht ass och nach e klenge finanziellen Uräiz néideg oder eng weider Aféierung vu Méiglechkeete fir de Congé parental op eng aner Aart a Weis ze huele wéi dat elo de Fall ass.

Här President, et gëtt awer leider och Stëmmen déi de Congé parental erëm wëllen a Fro stellen, zum Beispill mat Argumenter, mer hätte bei der Ëmsetzung vun der EU-Direktiv iwwerdriwwen, well déi nëmmen eng Dauer vum Congé parental vun dräi Méint virgeschriwwen huet a mir sechs Méint accordéiert hunn, oder well an de Betriber, wou vill Frae beschäftegt sinn, duerch de Congé parental ze vill Problemer géifen optrieden.

Ech wëll hei emol kloerstellen, dass de Congé parental, esou wéi mir en agefouert hunn, net eng sozial Mesure war, déi vun de Patronen ouni Weideres akzeptéiert gi war. Si hunn en akzeptéiert, well déi Verantwortlech an der Tripartite hinnen als Géigeleeschtung méi Flexibilitéit a méi Mobilitéit vun de Salariéé versprach an och zougestanen hunn. D'Referenzperioden an den Horaire mobile waren d'Kompensatiounen, déi d'Patronat kritt huet, fir mam Congé parental d'accord ze sinn. Et geet also net, dass elo op eemol de Congé parental hinnen net méi an de Krom passt an dass si e wëllen ofschafen. Wa se dat gären hätten, da ginn awer och all aner Mesuren, déi der Wirtschaft entgéint kommen a mam Congé parental accordéiert goufen, a Fro gestallt. Ech mengen dat ass dat, wat awer elo hei vu vir era soll kloer sinn.

Une voix.- ...dem ADR...

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Selbstverständlech. Hat Dir dann eppes anescht erwaart?

***(Brouhaha général)***

Här President, wann ech vu gesetzleche Mesuren am Zesummenhang vun der Gläichberechtegung schwätzen, da gehéieren dozou och d'Délégués à l'égalité des chances, sief et an de Gemengen, awer besonnesch op der Aarbechtsplaz.

Et ass grad do wou déi gesetzlech Bestëmmunge vum Aarbechtsrecht sollen ëmgesat ginn, an et ass grad do wou et happert, well déi Délégués à l'égalité sech meeschtens net bewosst si wat eigentlech hir Aufgab ass, well dës Poste gesetzlech agefouert goufen, ouni dass virdrun e Fonctiounsbild vun deene Chargen opgestallt gouf an ouni dass déi Leit, deenen dës Posten zougestallt ginn, eng adequat Formatioun haten. Et besteet och elo nach, nodeem déi Poste scho jorelaang bestinn, ëmmer keng adequat Formatioun. Vu Weiderbildung iwwerhaapt net ze schwätzen. Dat gesot fir ze demonstréieren, dass et net duer geet einfach elo Alibiinstrumenter ze schafen, déi vu vir eran net fonctionnéiere kënnen, well einfach net déi néideg Begleetmoossname mat dobäi sinn.

Dann ass et och nach esou, dass den Délégué à l'égalité nëmmen do agesat gëtt wou och eng Personaldelegatioun besteet, also do wou schonn eng Vertriedung vum Personal ass. Hätten net éischter missen do Delegéierte fir Chancëgläichheet agesat gi wou keng Personalvertriedung ass, nämlech a Betriber wou keng 15 Leit schaffen? Well grad do wou keng Vertriedung vum Salariat ass, gëtt et déi flagrantsten Ongerechtegkeeten, an déi Eenzel, besonnesch d'Fraen, traue sech net hir Rechter geltend ze maachen, aus Angscht hir Plaz ze verléieren.

Ech hunn dës Bemierkungen hei ageflecht, fir ze demonstréieren dass et net dem Législateur seng Schold ass, wann Ongerechtegkeeten an der Praxis opkommen, mä ganz einfach duerch e schlecht Ëmsetze um Terrain an enger schlechter Kontroll vun deem, wat eigentlech vum Gesetzgeber erwënscht ass.

Här President, et ass esou villes am Zesummenhang mam Dag vun der Fra an hire Rechter gesot a geschriwwe ginn. Wichteg erschéngt mer awer an deem Zesummenhang, dass bei allem Onrecht, wat de Fraen oder soss engem geschitt, net däerf generaliséiert ginn. Keng extrem Mesuren däerfen agefouert oder gefuerdert ginn déi de Schued net behiewen, mä e verlageren an domadder nach méi Ongerechtegkeete provozéieren. Ob dat elo am Zesummenhang mat den Diskriminatiounen op der Aarbechtsplaz, mam Harcèlement moral oder sexuel ass, et muss ëmmer versicht ginn eng équitabel Léisung ze fannen.

Här President, ech hu gëschter oder virgëschter an enger Dageszeitung gelies: „Il faut imposer l'égalité entre hommes et femmes". Wann een deen Artikel liest, da spiert een dass deen aus enger kompromëssloser Haltung eraus resultéiert, déi, menger Usiicht no, déi falsch ass. Ännerunge kann een nëmmen erbäiféiere wann een en éischte Kompromëss fënnt an da Schrëtt fir Schrëtt eng optimal Léisung ustrieft mat alle Betraffenen zesummen. Aus deem Artikel ass weider eraus ze liesen, dass nëmmen eng Quoteregelung den X plus Ultra vun de Fraeproblemer wier. Des Weidere steet dann nach dran, dass eng Rei vu männleche Politiker ënnert dem Mantel vun der Gläichberechtegung hostile wiere géigeniwwer alle Mesuren am Interesse vun der Fra.

Als ADR wëlle mir eis awer ferm géint esou Ënnerstellunge verwieren. All Initiativen am Intérêt vun der Fra, sief et de Fraeministère, sief et d'Délégué(e)s à l'égalité des chances, sief et de Congé parental, de Congé de maternité an esou weider, sinn hei am Parlament gestëmmt ginn, obwuel eng Majoritéit vu Männer heibannen ass.

De Problem, deen eng Rei vu Fraenorganisatiounen hunn, ass, dass se et selwer net fäerdeg brénge d'Fraen ze motivéieren, sech gesellschaftlech a politesch méi ze engagéieren, an dofir verlaange se elo dass de Législateur soll d'Fraen iwwer eng Quoteregelung forcéiere sech politesch, respektiv gesellschaftlech oder aarbechtsrechtlech ze engagéieren. Dat ass ganz sécher dee falsche Wee. Et ass net nëmmen ondemokratesch, wann een dem Vollek esou eppes wëll octroyéieren, mä och stellt sech d'Fro, ob d'Fraen dat iwwerhaapt wëllen oder ob et nëmmen eng extremistesch Fuerderung ass vun eenzelne Gruppe vun exzentresche Fraen, déi frustréiert si well d'Fraen net esou danze wéi si dat gären hätten. Dobäi wëll ech bemierken, dass déi meeschte Frae beim Danzen awer nach am léifste vu Männer gefouert ginn.

***(Interruption)***

Esouguer bei mir, Madame Wagener. Il ne faut jamais se fier aux apparences!

Här President, eis Wielerschaft hei am Land setzt sech aus méi Fraen zesumme wéi Männer. Wann also d'Frae wierklech de Wonsch hätte sech nëmme vu Frae regéieren ze loossen, da géif hei an der Chamber kee Mann sëtzen. Glécklecherweis ass awer de Groussdeel vun de Fraen objektiv genuch fir kënnen tëschent sexistescher Bevirdeelegung a wierklecher Kompetenz ze ënnerscheeden. A well de Groussdeel vun de Fraen intelligent ass, si se och capabel fir ze entscheeden, ob eng Fra oder ee Mann kompetent genuch ass fir d'Interesse vun eiser ganzer Gesellschaft kënnen ze vertrieden.

Den ADR setzt sech dofir an, dass d'Chamber an och d'Gemengeréit e Spigelbild vun hirer jeeweileger Bevölkerung sinn, an do spillt et keng Roll ob dat e Mann oder eng Fra ass. Kompetent musse se sinn. Mir hu just dofir ze suergen, dass jiddfereen déiselwecht Chancë kritt, an dat maache mer, géif ech mengen, mat all Gesetz wat mer hei stëmmen. Wann d'Ëmsetzen an der Praxis net klappt, da mussen Instrumenter agesat ginn déi dofir suergen dass d'Rëmëdur geschafe gëtt.

Här President, et ass an der Praxis nach vill Iwwerzeegungsaarbecht ze maache fir dass d'Gesetzer, déi mer am Zesummenhang mat der Gläichberechtegung gestëmmt hunn, och wierklech Fouss faassen. Dat besonnesch bei deenen déi menge se kéinten doduerch e wirtschaftlechen Nodeel kréien, well do läit nämlech d'Kromm an der Heck, an net beim politesche Wëllen, an och net bei der Obstruktioun vun de Männer.

Vill Koppele liewen a voller Harmonie zesummen a brauche vu kenger Säit Léierstonnen iwwer Gläichberechtegung. De Respekt virum Partner ass haut besonnesch bei deene Jonke ganz ausgepräegt, well se net déi ideologesch Gehierwäsch iwwer sech hu missen ergoe loossen, déi eis Elteren nach am gudde Glawe fir dat Richtegt gehalen hunn. An et ass besonnesch falsch un Hand vun e puer extremistesche Beispiller ze generaliséieren an d'Männer als Matchoen oder nach schlëmmer duerzestellen.

Zum Schluss. Et ass elo viru kuerzem hei an der Géigend géint de Krich demonstréiert ginn. Ech hoffen, dass mer net eng Kéier mussen hei géint ee Krich tëschent de Geschlechter demonstréieren, well ech wëll net an d'Situatioun kommen, dass mer iergendwann eng Kéier eng ASTI fir d'Männer musse grënnen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Ministesch fir Fraenugeleeënheeten, d'Madame Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss vun dësen Debatte wëllt ech op e puer Punkten nach opmierksam maachen. Ech wëll virun allem soen, dass ee muss wëssen, dass d'Egalitéit tëschent Männer a Fraen e wichtege Punkt an der demographescher Entwécklung vun engem Land spillt. An eigentlech wonneren ech mech driwwer, dass esou wéineg Leit un där Chancëgläichheetspolitik interesséiert sinn, wann een dat weess.

Mir hunn zu Lëtzebuerg eng demographesch Entwécklung, wou eng Fra 1,5 Kand kritt. Mir brauchen der 2,3 fir nëmme just eis Populatioun ze erneieren, net neier derbäi ze kréien. Lëtzebuerg läit domat am Mëttelfeld vun Europa. Do wou am meeschte Chancëgläichheet ass, sinn och am meeschte Kanner. Dat ass an deenen nordesche Länner. Do wou am mannste bis haut geschitt ass, sinn och am mannste Kanner, dat heescht déi schlechtsten demographesch Entwécklung ass an deene südleche Länner.

D'Elteren entscheede sech, ob se en zweet an en drëtt Kand kréien, opgrond vun de Méiglechkeeten déi se hu fir Beruff a Famill mateneen ze verbannen. A si entscheede sech fir en zweet an en drëtt Kand opgrond vu wéi vill finanziell Aboussen se hunn.

Ech denken, wa mir eis dat géifen zu Häerz huelen, da misst eigentlech all Politiker, an ech soen extra all Politiker, doranner vill méi en Zil gesinn an och vill méi eng Wichtegkeet gesinn, wéi een dat hei haut de Mëtteg zum Deel konnt héieren.

Mir sinn an engem nationale Kontext, wou et wirtschaftlech méi lues geet a wou och d'Aarbechtslosegkeet zouhëlt. Op enger Table ronde zu Diddeleng, Här Buergermeeschter, huet e Patronatsvertrieder viru kuerzem gesot: Chancëgläichheet ass keen Thema an de Betriber. An dësen Zäiten hunn d'Betriber aner Suergen.

Da muss ee selbstverständlech d'Fro stellen: Wéini si Fraen Thema? Oder wéini ass Gläichberechtegung aktuell fir Männer a fir Fraen? Ass Gläichberechtegung vu Fraen a Männer net e Grondprinzip vun eiser Demokratie? A wëlle mir dat iwwerhaapt erreechen? Wéini wëlle mir also eng fundamental Diskussioun zu dësem Thema agoen? A gudden oder a schlechten Zäiten, oder wier et net een Thema dat mer eigentlech ëmmer missten agoen?

Ech wëll just e puer Zuele soen, déi mer och hei zu Lëtzebuerg hunn. 40% vun de Beschäftegten zu Lëtzebuerg si Fraen, Résidenten a Frontalièren. 52,1% Prozent vun de Fraen, déi zu Lëtzebuerg liewen, ginn enger bezuelter Aarbecht no, Lëtzebuergerinnen an Net-Lëtzebuergerinnen.

45,7% vun den Aarbechtslose si Fraen. Dës Zuel ass méi déif wéi 2001, wou den Taux bei 46,9% war. Do wëll ech besonnesch der Madame Mutsch soen, well se gesot huet, se géif sech froe wéini mer eigentlech eng Kéier op déi 60% kéimen, dass erfreelecherweis en Taux d'activité vun 63,9% bei de Fraen tëschent 25 a 54 Joer errecht gouf. Wa mer gären hunn, dass och méiglechst vill Frae laang léieren, dann erklärt dat awer dee spéiden Zougang zum Aarbechtsmaart. Do denken ech elo net, dass mer eng Diskussioun driwwer kréien.

54 Joer ass selbstverständlech ze fréi fir vum Aarbechtsmaart fort ze goen. Mä dat fanne mir zu engem groussen Deel bei allen Arbeitnehmer, net nëmme bei de Fraen, wou mer och regelméisseg op europäeschem Niveau gerügt ginn, dass mer eis Arbeitnehmer ze vill fréi um Aarbechtsmaart verléieren.

Dir gesitt also, dass bei deene Fraen, déi wierklech am aarbechtsfäegen Alter sinn, wann een esou ka soen, mir do op 63,9% sinn, bal op 70%, wou mer da selbstverständlech an eng ganz aner Kategorie an Europa géife kommen, wéi dat bis elo de Fall war.

19% vun de Fraen an 13% vun de Männer hunn 2001 de soziale Mindestloun verdéngt. An ech war frou, bei de Mindestlounerhéijungen Enn 2001, hei an der Chamber de Rapporteur, de Marcel Glesener, ze héieren, dee gesot huet, erstmalig wiere méi Männer, déi de Mindestloun géife verdéngen, an zwar 19.160 vis-à-vis vu 17.860 Fraen. Dat, denken ech, ass och eppes wat als positiv unzegesinn ass. Op där anerer Säit muss een awer och soen, dass 53,7% vun den RMG-Ëmfänger Frae sinn.

Ech denken, datt den Thema, deen d'Chancëgläichheetskommissioun gewielt huet, e wichtegen ass an datt e besonnesch an dësen Zäite méi wéi wichteg ass, an ech géing och der der Madame Nicklaus merci soe fir hire Rapport, dee se gemaach huet.

Mir diskutéieren, an do muss ee sech d'Fro stellen, ob mer iwwert d'Gläichheetsberechtegung oder éischter iwwert déi partriarchal Strukturen diskutéieren? De Rapport weist, datt d'Thema Gläichstellung vu Fraen a Männer en horizontaalt Thema ass an ech muss soen, och do si verschidde Propositioune gemaach ginn. Ech weess net ëmmer ob et gutt ass, wann et nëmme méi an enger Hand ass, fir alles ze décidéieren, well da ganz vill aner Leit sech iwwerhaapt net méi dofir interesséieren a soen, mä deen dote Ministère mécht dat jo elo, da brauche mir eis net méi dorëm ze këmmeren. Och dat ass eppes, wou ech denken, datt et méi dacks negativ ass wéi positiv an datt mer éischter musse wierklech kucken iwwert de Gender-Mainstreaming virunzekommen.

D'Gläichstellung vun de Fraen, an dat beweist och de Rapport, ass nach net hiergestallt, weder an der Educatioun, weder an der Formatioun, am Beruffsliewen, an de Beruffstätegkeeten, och net an der Politik, net an der Participatioun vun de Fraen op den Décisiounsplazen, an der Gesondheet, dem Logement, dem Steiersystem an och der Sozialversécherung. Wann d'Frae mat de Männer net gläichgestallt ginn, dann ass fir si de Risiko vun der Aarmutt méi grouss.

De Rapport seet, datt d'Beruffstätegkeet ee vun de wichtegsten Träger fir d'sozial Inklusioun ass. Kenger bezuelter Aarbecht nozegoen, kee Partner ze hunn a verantwortlech fir Kanner ze sinn, sinn déi dräi Haaptfacteuren, déi zur Aarmutt vun de Frae féieren. Vun deenen zwee si besonnesch d'Frae méi betraff wéi d'Männer an dat geet och aus dem CEPS-Rapport ervir, deen elo an där Kommissioun virgestallt gouf. D'Aarmutt huet also e geschlechtsspezifescht Gesiicht an d'Madame Wagener huet och dorobber higewisen.

D'lescht Joer wor hei an der Chamber eng Diskussioun an eng Debatt iwwert d'Gender-Pedagogik, fir déi ënnerschiddlech Auswierkunge vun de Schoulinhalter op d'Meedercher an op d'Jongen auszemäerzen. An ech denken, datt mer dëst Joer generell och missten de Brëll vun dem Gender opsetzen, fir déi ënnerschiddlech wirtschaftlech a sozial Situatioun vun de Fraen ze beliichten. D'Frae verloossen d'Schoul mat fraentypesche Formatiounen. Si schaffen an de Secteure wou meeschtens Frae sinn an dowéinst manner bezuelt ginn, well Fraenaarbecht nach ëmmer net als gläichwäerteg mat Männeraarbecht unerkannt gëtt. Si si kaum present op Plazen, wou iwwer Geld a Politik geschwat gëtt, an dofir ginn och hir Interessen a Bedürfnisser nëmme par personne interposée vertratt. Scheedungen hu méi eng staark finanziell Auswierkung op si wéi op d'Männer, well se ganz dacks ofhängeg si vun Alimenter oder vum RMG.

D'gesellschaftlech Strukturen an d'Gesetzer hunn eng aner Auswierkung op d'Frae wéi op d'Männer. A genau dat verlaangt den Asaz vum Gender Mainstreaming. De Rapport weist, datt d'Thema Gläichstellung vun de Männer an de Fraen net en isoléiert Thema ass an datt et all gesellschaftspolitesch Kontexter, an domadder all politesch Beräicher, trëfft.

Den Traité vun Amsterdam verlaangt vun de Memberstaten, datt éischtens am Artikel 2 gesot gëtt, e Memberstat huet d'Missioun fir d'Gläichstellung vu Fraen a Männer ëmzesetzen. Am Artikel 3 leet en de Memberstaten op géint d'Diskriminatioun tëschent Fraen a Männer virzegoen.

Mir hunn als Lëtzebuerg d'CEDAW-Konventioun ënnerschriwwen, dat ass d'UNO-Konventioun géint all Diskriminatioune vis-à-vis vun de Fraen, an d'Madame Err huet elo grad zu Recht drop higewisen, datt mer den 22. Januar dëst Joer dee Rapport zu New York verdeedegt hunn, an ech wier frou gewiescht wa se matgaange wier fir dat ze héieren, dat gutt an dat manner gutt, well dat eent an dat anert wousste mer am Viraus, wou mer géifen dofir gelueft ginn a wou mer et selbstverständlech och manner géife ginn. Et ass eng vun deene wierklech wichtegen Aufgaben an ech hoffen, Madame Presidentin, datt mer wäerten an der nächster Zäit och Geleeënheet an der Chamberskommissioun kréien, méi am Detail dorobber anzegoen, wat als positiv a wat als negativ do ugesinn ass, an och ech wier gäre bereet fir eng Kéier hei an der Chamber, wann dat de Wonsch vun lech ass, dat méi breet hei,

oder deenen anere Leit, déi dofir interesséiert sinn, ze soen.

D'Fro vun dëser Debatt ass selbstverständlech, ob et eng Flichtübung ass oder ob se wierklech dozou bäidréit eis international an eis national Engagementer fir d'Gläichstellung vu Fraen a Männer anzesetzen.

Ech wëll op verschidde vun deenen Themen eng Äntwert ginn, déi am Rapport ugeschwat gi sinn, ënner anerem iwwer statistescht Material, wou jo eng Motioun déposéiert ginn ass. Ech wëll do soen, datt mer virufueren als Fraeministère iwwert d'Femmes et Marchés de l'Emploi, déi mer all zwee Joer maachen. D'Femmes dans la prise de décision politique maache mir no alle Wahlen, National-, Gemengen- an Europawahlen, zesumme mam Conseil national. D'Femmes dans la prise de décision économique gëtt all véier Joer erneiert an dat muss een op véier Joer rechnen, well soss déi Zuelen net duer ginn. D'Renée Wagener huet geschwat iwwert d'Egalité de salaires. Do ass e Rapport erauskomm, deen, denken ech, och d'Chamberskommissioun kritt huet. Wann net, kritt Der e gären zougestallt.

***(Interruptions)***

Mä déi vun deenen 28% si leider nach ëmmer richteg. De Rapport, mä awer virun allem och d'Propositiounen, déi elo an de Comité permanent de l'Emploi sinn, a vu datt déi Propositiounen zesummen ausgeschafft goufe mam Patronat a mat de Gewerkschaften, denken ech jo, datt se, wa se an deem engen Aarbechtsgrupp positiv begutachtet ginn, jo dann op deem nächsten net wäerten erëm vum Dësch fléien, wou och Propositiounen dra si fir ebe géint deen Ecart virzegoen.

Am Santésberäich sinn eng Rei vun Etüde virgesinn, zum Beispill iwwert d'Stierflechkeet vun de Kanner an de Jugendlechen, vun 1968 bis 1997, opgeschlësselt no dem Geschlecht. Iwwert d'Niere bei den Neigebuerenen ass och eng Etüd, déi vu Femina gemaach gëtt iwwert d'Périnatalogie zu Lëtzebuerg, dat heescht ronderëm dat wat bei enger Gebuert geschitt.

Eng aner wichteg Etüd ass ouni Zweiwel déi iwwert d'Ostéoporose, mat dem Objektiv och e Preventiounsprogramm opzebauen. D'Oplëschte vun de Statistiken no Männer a Fraen huet sech verbessert an de Statec huet mer extra eng Note eraginn, fir ze soen datt si eng ganz Partie vun hire Chiffere mëttlerweil och no Männer a Frae kucken an och publizéiert gi sinn.

***(Lettre du STATEC du 11 mars 2003 à consulter au Greffe de la Chambre des Députés)***

Här President, ech géif lech dat hei loossen, fir datt Der dat kënnt publizéieren, fir datt och jidderee gesäit, datt net nëmmen hei Motiounen ugeholl ginn, mä datt se och ëmgesat ginn. Datselwecht zielt fir d'ADEM an och d'Education nationale, wou een, wann ee se net allegueren direkt huet, mä se awer op jidde Fall ouni Problemer op Nofro ka kréien.

D'Opschlësselung vun de Statistiken no Geschlecht ass wichteg, well ouni dat kann een natierlech net gesinn, ob e Gesetz aner Auswierkungen op d'Männer wéi op d'Fraen huet. Dofir ass och déi Demande vun der Chamberskommissioun an deem Sënn ze begréissen.

D'Erzéiung ass sécher e wichtege Punkt an där ganzer Debatt, an do wëll ech och op déi Etude d'impact du genre dans le développement personnel et professionnel des agents sociaux-éducatifs hiweisen. Déi leeft an der Schoul zu Fenteng am IEES an och am ISERP zu Walfer an am CUNLUX. Si ënnersicht bei deenen zukënftegen Erzéier an Erzéierinnen an och bei de Léierinnen a Schoulmeeschteren, wat fir eng Fraen- a Männerbilder se hunn, wéi hir Perséinlechkeetsentwécklung ass a wat fir eng Virstellunge si vun hirem zukünftege Beruff hunn. D'Resultater vun der Etüd wäerten an der Reform vun dem Curricula vun dësen Institutiounen agedroe ginn.

De Choix scolaire et professionnel vun de Meedercher ass zu engem groussen Deel nach ëmmer klassesch an traditionell. Mir fannen awer mëttlerweil am Enseignement secondaire 55% vun de Meedercher, am Enseignement secondaire technique 81% vun de Meedercher, am Régime technique an an der Section paramédicale et sociale sinn et 84%, an der Administration commerciale sinn et 61%, an op där anerer Säit beim Régime professionnel sinn et zweemol méi Jonge wéi Meedercher.

Mir hunn also nach ëmmer net genuch Meedercher an de Beräicher vun den neien Technologien, obschonns dës um Aarbechtsmaart eng ëmmer méi grouss Roll spillen an, wéi richteg hei well gesot ginn ass, de Choix wierkt sech op hir Beruffscarrière a selbstverständlech dann och op hire Salaire aus.

Mir hunn eng ganz Rei vu Promotiounscampagnë gemaach an de Schoule selwer, an och mat enger Rei vu Proffen a Professorinnen. Mir woren zum Beispill dat lescht Joer am IST, fir och do Promotioun ze maachen, mä, wéi gesot, dat alles geet natierlech net vun haut op muer, mä dat brauch eng Partie Zäit.

Et däerf een och net vergiessen, datt méi Frae wéi Männer mëttlerweil e qualifizéierte Schoulofschloss hunn an datt der ëmmer méi op d'Universitéite ginn a sech domadder op méi héich qualifizéiert Posten, haaptsächlech am Secteur tertiaire, och virbereeden.

Wat d'Beruffswahl betrëfft, sou wäerten duerch dat neit Konzept vun der Education au choix esougutt Traditioune wéi Stereotypen an och Préjugéen thematiséiert ginn, esougutt an der Virubildung vun den Enseignants an den Enseignantes wéi och vun de Schüler an de Schülerinne selwer.

Um Aarbechtsmaart ass d'Etüd iwwert den Ecart de salaire, wou mer nach ëmmer, wéi gesot, en Duerchschnëttsënnerscheed vun 28% an de Gehälter tëschent Fraen a Männer hunn. Dat ass eng kloer Diskriminatioun géintiwwer de Fraen, an ech hu mech eigentlech ëmmer gewonnert firwat datt d'Pappen, déi Meedercher hunn - ech denken, datt se grad esou frou mat deene si wéi mat de Jongen - sech iwwerhaapt konnte gewäerde loossen a konnten zouloossen, datt déi manner verdéngen, wéi wa se Jongen hätten oder hir Jongen dëser hunn.

12% vun deenen Ënnerscheeder sinn eleng op de Fait zréckzefëieren, datt et eng Fra ass. Déi aner 16% fannen hir Ursaachen am Choix vum Beruff an an der Hierarchie vun de Posten, an der Beruffsënnerbriechung, an der Ancienneté, an der Entreprise, dem Niveau vun der Formatioun an och der Gréisst vun der Entreprise. Dës Ongerechtegkeet misst an de Kollektivverhandlunge behandelt ginn, an do kritt een dann ëmmer gesot, am Kollektivvertrag geet et just ëm d'Enveloppe an do ass d'Chancëgläichheet keen Thema. D'Enveloppe ass awer ongerecht vis-à-vis vun de Fraen, well domadder toleréiere mir, datt et Lounënnerscheeder tëschent Männer a Frae gëtt. An d'Gesetz seet, an do ass de Mëtteg zu Recht gesot ginn, datt et net ëmmer un de Gesetzer ass wou et läit, mä an der Ëmsetzung. „Toute convention collective de travail devra obligatoirement prévoir l'application du principe de l'égalité de rémunération entre hommes et femmes." Et ass also net datt et net iergendwou steet, mä, wéi gesot, et ass just datt et muss ëmgesat ginn.

Jo, dann...

***(Interruption)***

Jo, jo, ech hu just gesinn, wat do dobäi steet. Da steet dobäi, mir hunn doriwwer geschwat, mä d'Resultat ass awer null. Ech mengen, ech kenne se besser wéi Dir, Här Jaerling.

„Loungläichheet ass eng gewerkschaftlech Erausfuerderung" heescht eng Enquête, déi bei de Gewerkschaften am Kader vun engem europäesche Projet duerchgezu ginn ass. Den 8. Mäerz sinn d'Resultater vun där Enquête vun dem LCGB virgeluecht ginn. Mir wäerte jiddefalls mat de Gewerkschaften a mat de Patronatsvertrieder als Fraeministère Virubildungscourse maachen iwwert d'Bewäertung an d'Klassifizéierung vun de Funktiounen an de Betriber. Dëst ass eng Nofro vun dem Patronat a vun de Syndikater, déi dëst am Kader vum Projet „Egalité de salaire" formuléiert hunn.

D'Obligatioun e Plan d'égalité am Kader vun de Kollektivverträg ze verhandele gëtt kaum ëmgesat. Ech denken, well et ganz dacks esou ass, well keen esou richteg weess, wat doranner stoe komme soll. Et kéint ee sech duerchaus folgend Themen doranner virstellen: d'Virubildung vun de Frae förderen, eng Bewäertung vun de Funktiounen aféiere fir géint d'Gehälterënnerscheeder unzegoen an d'Fraen a Männer an ontypesche Beruffer förderen, an dat ewell bei hirer Astellung.

An do wëll ech op dat kommen, wat och elo grad hei gesot gouf iwwert de CEDAW-Rapport. Luxplan - ech kann dat hei soen -, dat ass dee Betrib, deen d'lescht Joer de Prix féminin 2002 gewonnen huet, huet eng Annonce an d'Zeitung gemaach, well se en Ingénieur gesicht hunn. Si hunn m/f dobäi geschriwwen a si hunn ausdrécklech d'Fraen opgefuerdert sech op hir Annonce ze mellen. Dat éischt wat geschitt ass, d'Gewerkschaftsvertrieder hunn intervenéiert, dëst géif géint d'Gesetz vun der Gläichstellung verstoussen. Wat soll also e Betrib maachen, deen och nach eng offensiv Politik am Interesse vun de Fraen an ontypesche Beruffer wëllt maachen?

Dir gesitt also dass et méi wéi néideg ass, dass mer endlech deen Artikel 11 gestëmmt kréien an dass mer dat net nëmmen doduerch erméigleche sollen, mä dass et och opgrond vun den europäeschen Traitéë muss agefouert ginn. Aner Aarbechtsforme vun der Deelzäitaarbecht oder Jobsharing an iwwerhaapt d'Aarbechtsorganisatioun ze iwwerdenken, déi méi familljefrëndlech misst sinn a sozial Servicer ubidde misst an de Betriber wieren ouni Zweifel Punkten, déi an déi sozial Pläng do dra stoe komme kéinten.

Ech denken zum Beispill drun, dass eng Firma agefouert hat, dass hir Leit hir Wäsch kéinte matbrénge fir déi am Betrib oder iwwert de Betrib gemaach ze kréien. Si hunn dat dunn awer an deem leschten Eck vum Betrib gemaach, wou d'Leit dann zwee Kilometer hätte goe misse fir dohinner ze kommen an et ass och net vill Propaganda dofir gemaach ginn an dunn ass dat natierlech och net genotzt ginn. Dräi Méint dono hu se du freudestrahlend gesot: „Mir konnten dat erëm ofschafen, well dat doten huet näischt bruecht."

Doru gesitt Der, dass dat alles e bësse méi komplizéiert ass wéi mir dat an engem Nomëtteg hei soen. Erfreelecherweis gesi mer elo, dass ganz vill Betriber an hire Sozialpläng déi gesetzlech Congéen notze fir mat hirer Personalgestioun de Moment iwwert d'Ronnen ze kommen an domadder manner Leit och mussen ze entloossen. Dat ass sécher positiv, well all Mënsch, deen net entlooss gëtt a seng Aarbecht behält, ass wichteg an do musse mir och alles wat méiglech ass dozou bäidroen, mä wann dat an deenen Zäite fir dat doten ze maache geet, dann denken ech, dass et och an aneren Zäite goe muss.

Fir Fraen a Männer ass et wichteg ënnerschiddlech Forme vun Temps partiel notzen ze kënnen. De Congé parental huet dëse Besoin bestätegt. Vu dass e méi dacks haut de Mëtteg hei ugeschwat ginn ass, denken ech, dass mer et wäerte fäerdeg kréie fir op deene sechs Méint ze bleiwen. Och iwwer aner Changementer wäert selbstverständlech am Kader vun dem PAN-Gesetz hei an der Chamber diskutéiert ginn.

D'Frae géifen och gäre während den Erzéiungs- an de Familljepausen de Kontakt zum Betrib behalen. Si wëllen an hirem Beruff bleiwen an u Formatiounen deelhuele während der Deelzäitaarbecht oder während hirem Congé. Hei wëll ech wierklech ervirsträichen, dass déi 15 Joer Congé an der Fonction publique mat kengem Verloscht an der Carrière bestrooft ginn an dass mer hoffen, dass dat als Uräiz fir d'Männer gëllt fir do Mentalitéitschangementer ze maachen, dododuerch dass et keen Nodeel méi bedeit fir d'Carrière, wann ee Papp oder Mamm gëtt.

Mir haten e Reglement gemaach iwwert de Sexe sous-représenté, mä do ass awer esou gutt de Conseil d'Etat wéi och d'Chambre professionnelle dergéint, sou dass mer do musse kucken eng nei Formuléierung am Gesetz ze fannen, fir besser kënnen dovunner ze profitéieren.

Wat d'Délégués à l'égalité ubelaangt, do weist d'Erfahrung, dass se effektiv besser mussen encadréiert ginn. An der Reform vum Delegatiounsgesetz wäert hinne mussen d'Méiglechkeet gebuede gi méi Zäit ze kréie fir Formatiounen ze maachen, well si vill Problemer an de Betriber opfänken: vu Lounongläichheet, vum Deelhuelen un de Formatiounen, vun der Deelzäitaarbecht, vun neien Astellungen a vu sexuelle Belästigungen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Här President, ech wëll de Membere vun der Chamber just soen, dass ech ongeféier nach fir 20 Minutten ze schwätzen hunn. Déi, déi net wëllen nolauschteren, kënne gären eraus goen. Dat geheit mech net ëm an dat beleidegt mech och net, mä et ass zimlech désagréabel wann ee muss schwätzen an et ginn esou grouss Diskussioune gefouert.

Plusieurs voix.- Très bien.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine*.- Da kënnt Dir lech riichten.

Déi Chancëgläichheetsdelegéierte kënne selbstverständlech e Plan d'égalité opstellen a si sinn och do fir déi Persounen, déi ënner Diskriminatioune leiden, ze ënnerstëtzen an ze begleeden. Mir sinn als Ministère permanent am Kontakt mat deene Leit. Ech denken, dass dat wichteg ass.

Wa mer hei iwwer verschidde Systemer elo geschwat hunn dans la création d'entreprise an enger do-vun, wou de Mëtteg och hei d'Mikrokreditter ugesprach gi sinn, da muss ee soen, dass dat een Instrument ass fir géint d'Aarmutt an d'Exclusioun ze kämpfen an esou de Leit op eng einfach Aart a Weis Kreditter ze gi fir kleng Entreprisen op d'Been ze setzen. Et ass awer och richteg, dass mer an Europa net ganz vill Erfahrung doranner hunn, mä dass et éischter en Instrument ass, wat bis haut haaptsächlech an der Drëtter Welt agesat ginn ass.

Mikrokreditter, well dat jo schonn zu villen Opreegunge gefouert huet, kéinte selbstverständlech Frae wéi Männer kréien. Et ass also net, dass dat eng Exclusivitéit fir d'Frae wier. Esou kleng Kreditter si fir eng normal Bank ganz dacks net interessant, well se op där enger Säit grad esou vill Aarbecht brénge wéi e grousse Prêt, mä awer net esou vill dorobber verdéngt ass. Eng Etüd iwwert d'Mikrokreditter huet a Frankräich gewisen, dass bei Problempopulatiounen d'Grënnung vun enger eegener Entreprise eng grouss Hëllef ka sinn, fir d'Réinsertioun ze maachen, esou Hëllefe manner kaschte wéi Chômageallocatiounen an esou Programmer eng staark Ënnerstëtzung vun de Pouvoirs publics brauchen. Mir wëssen awer och dass gefäert gëtt, dass dat heiten eng Konkurrenz wier fir déi normal kleng Betriber, déi keng grouss Hëllefe kréien.

A Frankräich gëtt et esou e Fong, deen doranner schafft, an dee virun allem fir Frae virgesinn ass. A Frankräich sinn 28% vun de Créateurs d'entreprise Fraen, mä si presentéieren awer 50% vun de Projeten. Et sinn also méi Dossiere vu Fraen, déi verworf ginn, wéi vu Männer. Dëse Fong ass do fir d'Dossieren, déi vu Frae presentéiert ginn, méi geziilt ze ënnerstëtzen.

Dir kennt och déi aner Projeten, besonnesch déi an Däitschland vun der Ich-AG, wou gesot gëtt, dass ee virun allem kucke soll fir d'Leit an der Aarbechtswelt ze behalen, an dass dat méi wichteg wier, wéi dass se géife Chômage kréien. Enn Februar sollten do déi éischt Zuelen ënnerbreet ginn. Do si mer zwar driwwer eraus, mä ech denken, dass mer déi an absehbarer Zäit wäerte kréien, an da muss ee gesinn ob dat eppes bruecht huet oder net.

Zu Lëtzebuerg hu mer zënter Joren an der Coopération au développement grousse Wäert geluecht op déi Projeten, déi iwwer Mikrokreditter finanzéiert ginn, besonnesch fir Fraen. Et ass festgestallt ginn, dass d'Fraen hir Prête besser erëmbezuele wéi d'Männer. Ech wëll elo hei kengem ze no trieden, et ass einfach eng Feststellung, déi gemaach gouf.

Zu Lëtzebuerg gëtt et am Kader vun der ADEM och Hëllefe vu Mikrokreditter, wann een eng Entreprise wëllt grënnen, an dat fir Demandeurs d'emploi, déi fir sechs Méint hir Gesamtentschädegunge kënne beienee kréie fir en eegene Betrib opzemaachen. D'Hëllef entsprécht also dem Netto-Aarbechtslosegeld vu sechs Méint.

Wie kënnt esou Mikrokreditter géréieren? Ouni Zweifel d'SNCI, de Ministère de l'Economie, de Ministère du Travail et de l'Emploi oder och de Ministère vun de Classes moyennes. Ech si gäre bereet all dës Gedanken an e Grupp ad hoc matzehuelen, dee geschafe muss ginn, fir iwwerhaapt ze kucke wéi mer eis Zuele vun de Femmes créatrices d'entreprises kënne verbessert kréien.

Et gëtt och e Projet mat der europäescher Kommissioun, wou mer als Fraeministère zesumme mam Conseil national des femmes zu Lëtzebuerg eng Etüd iwwert d'Engagementer maache wëllen an der Prise de décision bei de Parteie fir d'Promotioun vun de Fraen an hiren eegene Reien ze maachen, mä awer och an der Wirtschaft. Un där Etüd huelen och d'Gewerkschaften deel. Mir huelen déi zwou Entreprisen, déi de Prix féminin d'entreprise d'lescht Joer gewonnen hunn, dobäi, well déi virun allem sech dofir agesat hu fir Fraen op Responsabilitéitsposten ze kréien a Fraen an ontypesche Beruffer förderen.

Virubildung ass ee vun deene ganz wichtege Punkten, dat wësse besonnesch och d'Fraen, an duerfir ass och de Lifelong learning fir si en Thema, well ouni Virubildung wësse si ganz genee, dass eng Integratioun an eng Réintegratioun um Aarbechtsmaart kaum méiglech ass.

Eng vun deene wichtege Moossnamen ass ouni Zweifel den Appren-

tissage pour adultes, wou d'Frae 40% vun de Persounen ausgemaach hunn, déi e Contrat d'apprentissage kritt hunn. Et ass eng nei Chance fir déi, déi bis elo kee Schoulofschloss haten. Eng Handwierkerléier an allen Domäner steet op. Mir fannen allerdéngs och do d'Frae, genau wéi an der Schoul, an deenen traditionelle Beräicher erëm wéi an der Vente, an der Coiffure an an dem Sekretariat. Life long learning begräift awer och de Recyclage vu Persounen op der Aarbechtssich, déi berufflech Virubildung an d'Erwuessenebildung.

All Virubildung vun de Fraen an de Sprooche verbessert selbstverständlech hir Positioun fir zréck op den Aarbechtsmaart ze kommen, zumools fir déi auslännesch Fraen. Dës Coursen, wou majoritär Frae sinn, ginn iwwer nei Technologien, si Basiscoursen oder si fir Aides socio-familiales.

Fir Virubildung ze förderen huet den Educatiounsministère mat de Sozialpartner eng Campagne fir d'Virubildung lancéiert. Dës gëtt cofinanzéiert mat den Entreprisen zesummen. Iwwer Moossname fir deen individuellen Accès zur Virubildung gëtt am Educatiounsministère nogeduecht. Zesumme mat der Union des entreprises du Luxembourg si mer op der Sich no neie Weeër fir Fraen an Entreprisë mateneen a Kontakt ze bréngen. Op dem Forum Femmes et Entreprises hate mir d'lescht Joer 180 Fraen, déi do direkt mat de Vertrieder vun de Betriber konnte schwätzen. Dat ass eng Experienz, déi äusserst positiv bewäert gouf a wou mer hoffen, dass mer domat kënne virufueren.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Ginn et dann do Konklusiounen dozou?

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- Si sinn amgaangen ze kucke fir dat ze verbesseren. Et soll net esou sinn, dass een dohinner kënnt an nëmmen eng Kéier e Gespréich mateneen huet. Si sinn amgaangen ze kucke wéi vill Fraen effektiv do agestallt goufen. Mir hunn elo an där nächster Zäit e gemeinsame Rendez-vous mat dem Aarbechtsminister fir mat der Union des entreprises ze kucke wat dobäi erauskommen ass a wat ee kéint verbesseren, fir dass wierklech Resultater dobäi erauskommen.

D'Haaptbedürfnisser leien allerdéngs - an dat ass och echt, wann Der dat héiert -, den Aussoe vun de Fraen no, déi eng Virubildung maache wëllen, besonnesch an deenen neien Technologien op där enger Säit an an der Kannerbetreiung op där anerer Säit. Wat de Computertraining betrëfft gëtt et Formatiounen op allen Niveauen a besonnesch d'Chambres professionnelles an do d'Chambre des Employés privés bitt méi héich Niveauen un. Dës Coursë sinn awer leider bei ville Fraen net genuch bekannt.

Den Aarbechtsministère respektiv d'ADEM ënnerstëtzt zahlreich Initiativen, déi exklusiv fir Frae sinn. Ech denken un déi PC-Coursë vu Femmes en détresse bei NAXI, d'Formation de formatrice en informatique, de Projet vun der Computerschoul an dem ADT-Zenter am Kader vun E-Lëtzebuerg an un de Cours vu Bürokommunikatioun vun Zarabina. Da gëtt et de Programm an den Internetstuffen, dee sech spezifesch un déi Leit riicht, déi keen Zougang zu deenen neien Technologien hunn, net op der Aarbecht an och net an der Schoul. Hei besteet virun allem de Risiko, dass d'Hausfraen net kënnen doranner deelhuelen a vun deenen neien Technologien ausgeschloss sinn.

Zënter zwee Joer maache mir um Fraeministère eng Formatioun fir Formateuren a Formatricë wat de Gender-Training ubelaangt, well mer wëssen dass Fraen a Männer ënnerschiddlech un d'Léieren eruginn. Mir passen op wéi esou Coursen opgebaut sinn. Mir si gäre bereet dës Coursen, wéi et gefrot gouf, op d'Personal vun dem Sozialberäich auszedehnen, wou déi éischt Kontakter amgaange sinn ze funktionéieren. Coursë fir Gender-Management gëtt et och am INAP a gëtt et och an Zukunft fir déi Verantwortlech, déi sech eben ëm de Plan inclusion këmmeren. Dëst ass eng Demande, déi vu Bréissel komm ass, fir ebe just d'Aarmutt ënnert dem Geschlechteraspekt ze évaluéieren an ze kucke wéi dat ka verbessert ginn. Coursë fir d'Léierpersonal, dat zoustänneg ass fir d'Schoulorientatioun, mä awer och Coursë fir déi Verantwortlech an de Jugendhaiser an Zesummenaarbecht mat dem Service national de la jeunesse.

Projete fir d'Gender-Formatioun fir Personalverantwortlecher an de Betriber ginn och dëst Joer ugebueden. Mir hoffen domadder e Schnéiballeffekt ze kréien, deen e Mentalitéitswiessel mécht, nei Liewensmodeller akzeptéieren am Privat- an am Beruffsliewen, wou mer vun deenen traditionellen Normen ewechkommen. Mir wëllen och net, dass Fraen un d'Norme vun de Männer ugepasst ginn, well Fra a Mann liewe verschidden. Mir brauchen nei Modeller am Beruff an an der Famill.

E wichtege Punkt ass selbstverständlech - an do ass de Mëtteg och dacks drop higewise ginn - d'Garde vun deene Personnes dépendantes. Ouni Zweifel war d'Aféiere vun der Assurance dépendance an déi Ënnerstëtzung, déi d'Leit doriwwer kréien, och visà-vis vun de Leit mat Behënnerungen, e groussen Avantage. D'Structures d'accueil ronderëm d'Schoul, wou zu 50% de Stat sech bedeelegt bei den Infrastrukturkäschten, zu 30% beim Aménagement vun der Spillplaz, zu 50%, och un de Reschtkosten déi bleiwe vun deem wat d'Elteren net kënne bezuelen, si mir haut op 60 vun 118 Gemengen, déi esou eng Structure d'accueil hunn. 31 Gemenge bidden Hausaufgabenhëllef un, 33 Gemengen hunn e Ganzdagsservice fir Kanner, wou och d'Vakanze mat agebonne sinn.

D'Förderung vu private Crèchen: Doduerch dass mer als Familljeministère eng ganz Partie vu Plazen elo akaaft hunn, erméigleche mir domadder deene Fraen oder deene Familljen, wou eventuell keng aner Crèche do ass, eng Plaz an enger privater Crèche zu deeneselwechte Präisser a Konditiounen ze kréie wéi am konventionéierte Beräich. Steierdéductioune wiere méiglech fir Crèches d'entreprise.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Allerdéngs ass dovu bis haut ganz wéineg Gebrauch gemaach ginn. Et gëtt e Projet, deen heescht Fogaflex, dee vum Fonds social européen gemaach gëtt, wou et virun allem drëm geet fir Dagesmütter auszebilden an déi e Projet fir hire Statut virbereeden. Mir hunn de Moment eng Waardelëscht vu 400 Leit, déi d'Formation d'aide socio-familiale maache wëllen. Och do kënnten eng ganz Partie vun neie Gardes d'enfants sech draus erginn.

Ech denken och, dass de Précoce - dat ass zu Recht, ech weess net méi vu wiem, gesot ginn - net alleguerten déi Problemer léist fir d'Kanner, wann d'Eltere schaffe ginn. En ass awer wichteg fir d'Integratioun, besonnesch vun net Lëtzebuerger Kanner a vu behënnerte Kanner. Fir Elteren ass et besonnesch wichteg, dass se wëssen, wa se zu zwee schaffe ginn oder eleng erzéiend sinn, dass hir Kanner gutt versuergt sinn. Déi Geforen, déi ëmmer bemoolt a gemoolt ginn iwwert d'Ganzdagscrèchen, an do wëll ech den Deputéierten a Buergermeeschter vu Suessem ëm Hëllef ruffen, dass dat ganz wéineg Kanner sinn, déi vu moies siwe bis owes siwen Auer an der Crèche bleiwen. Elteren, déi hir Kanner net mussen do loossen, kommen hir Kanner méi fréi sichen. Ech denken, dass dat esou ass wéi mer eis dat virstellen a wéi mer et gären hätten.

Ech hunn nach de Mëtteg mam President vum Syvicol geschwat, dass mer eis an deenen nächste Woche gesi wäerte fir eis an de Gemenge mateneen ze concertéiere fir nei Modeller a méi Flexibilitéit fäerdeg ze kréien. Dir kënnt dann do alleguerten Är Doléancë soen. Mir hoffen, dass mer do op eng verstänneg Äntwert kommen.

Eng Erausfuerderung si selbstverständlech och d'Kanner an de Betriber oder an der Wirtschaft. Do musse mer ouni Zweifel méi famillejefrëndlech Betriber kréien. Ech wëll och do soen: Wann d'Leit, déi schaffe ginn, zefridde sinn an hirem Betrib, da si se méi produktiv, si se manner dacks krank gemellt, an dat ka jo nëmmen am Interesse vun de Betriber selwer sinn. Och dat, mengen ech, musse mer besser verkaaft kréie bei de Betriber, fir dass se selwer dat och esou gesinn.

No de Propositioune fir d'Reesgeld an d'Garde d'enfants ass gefrot ginn. Mir wëllen net nëmmen dat viruféiere fir Leit, déi Alleinerzieher sinn, mä dat ausdehnen op Famillje mat klengem Akommes a kucke wat eventuell de Problem war, well effektiv ganz wéineg dovunner profitéiert ginn ass. De Congé parental, wat sécher eng Verännerung vun de Geschlechterrollen ass, mä wou mer och emol wëllen, datt de Papp eng Erzéiungsverantwortung huet, well et ass wichteg fir d'Kanner, dass se an hirem Papp doranner e Virbild hunn an net nëmmen esou Männer kenne léieren an der Televisioun oder an de Videoen, mä dass se och an der Praxis gesinn, dass dat vu groussem Wäert ass.

Mir wäerten den 19. Mäerz nach eng Kéier an der Tripartite doriwwer diskutéieren, a mir hoffen dass mer do zu deene Konklusioune kommen, déi mer eis erwënschen. Ech sinn dovunner iwwerzeegt, dass och hei an der Chamber, esou wéi ech dat de Mëtteg hei héieren hunn, eigentlech keen Zweifel besteet an och kee wäert wëlle mat op de Wee goe fir dee Congé parental vu sechs Méint op dräi Méint erof ze setzen.

D'Systemer vun der Sécurité sociale: Do wëll ech un dee Groupe de travail erënneren iwwert d'Individualiséierung vun de Rechter, wou virun allem och mat statistéschem Material emol iwwerhaapt d'Situatioun vun der Fra soll duergestallt ginn a wou et virun allem och ëm d'Erhale vun der Beruffscarrière geet. D'Droits dérivés ginn an dëser Regierung net ofgeschaf. De Groupe de travail huet eng Propositioun fir iwwer individualiséiert Systemer an der Sécurité sociale nozedenken.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Ech wëll lech just soen, dass de Minister an der Justiz amgaangen ass doranner ze schaffen. Ech denken, dass et vläicht sënnvoll ass hien an deenen nächste Méint eng Kéier d'Kommissioun kommen ze loossen, fir och do déi prezis Propositioune mat him ze kucken.

D'Madame Stein hat hei eng ganz Rei vu Problemer ugeschwat, déi am Logement bestinn. De Ministère vum Logement huet zënter Enn 2001 hire Programme d'action mat 29 Moossnamen, wou et virun allem och drëm geet en Accès zu engem Logement ze verbesseren, esougutt beim Loune wéi beim Kafen, wat nach ëmmer eng Prioritéit ass, wou de Stat finanziell Hëllefen zu 70% beim Bau oder Kaf vu Logementer ka gi fir d'Gemengen oder öffentlech Promoteuren, besonnesch fir déi Leit mat klengem Akommes, fir Groussfamilljen, fir eeler Leit a fir behënnert Leit. Ouni Zweifel géifen och do allein stehend Fraen oder Fraen, déi schlecht dru sinn, dodrënner falen.

D'Allocation de loyer ass eigentlech net ugesi ginn als eppes wat gutt wier, well et riskéiert just d'Präisser vun de Loyeren erop ze dreiwen, wat awer deenen eenzelne Persounen dofir net méi hëlleft. Dofir sinn awer zwou aner Moossname virgesinn. Déi eng ass d'Loyersgarantie, wouvunner besonnesch déi Leit mat klengem Akommes profitéiere kënnen, well se dräimol de Loyer als Kautioun kréie kënnen an eng Kéier de Loyer fir d'Agencëkäschte kréie kënnen an dann och nach ee Loyer als Avance fir d'Plënnerkäschten, wat dann eigentlech fënnef Loyeren ausmaachen, wat ewell net schlecht ass.

Den 19 Mäerz ass jo hei an der Chamber iwwert de Logement eng Diskussioun, an et wier sécher wichteg, wann Der dat do géift nach eng Kéier zur Diskussioun bréngen.

Op d'Pauvretéit hei zu Lëtzebuerg si Verschiddener vun Iech agaangen. Zënter 1986 bedreiwen déi verschidde Regierungen eng Politik, déi net nëmmen eleng op déi finanziell Aarmutt ausgeriicht ass, mä wou och den RMG an deem Kader entstanen ass. Hie gëtt d'Recht op e Mindestakommen, wéi och d'Recht op Moossname fir eng sozial Integratioun an eng Beruffsréinsertioun.

D'Kommissioun gesäit d'Aktivatioun vun de Fraen am Kader vum RMG als en Element vun der Fraeförderung un. Hir feelen awer déi spezifesch Begleedungsmoossnamen. Do wëll ech just soen, dass am Artikel 8 vum RMG-Gesetz steet, dass e Kontrakt zwëschent der Persoun, déi an eng Aarbechtsmoossnam geet, an dem SNASS virgesinn ass. An dësem Kontrakt steet ganz kloer wat den Inhalt vun der Moossnam ass, awer och all Hëllefen, déi dës Persoun kritt, dorënner personaliséiert Sozialbegleedung. All Fra an enger Aarbechtsmoossnam vum SNASS kritt hir eege Begleedung, wa si dat wënscht.

Wat d'Pension alimentaire ugeet ass ervirzehiewen, dass se am RMG-Gesetz considéréiert gëtt an dass den Artikel 21 vun dësem Gesetz de sozialschwaachste Frae während enger Period vu mindestens sechs Méint eng Allocation complémentaire garantéiert, wa se Démarchë fir hir Pension alimentaire muss maachen. An dësem Fall bitt d'RMG-Gesetz mat vill Flexibilitéit eng direkt Hëllef un.

Duerch d'Ännerung vum RMG-Gesetz vun 1999 ass d'Kannerbetreiung net méi automatesch e Motiv fir eng Dispens vum Aarbechtsmaart ze kréien, dat virun allem am Interesse vun deene Fraen. Mir stellen awer fest, dass besonnesch vill Fraen d'Dispens kréie wéinst Kannerbetreiung. 376 Fraen a 16 Männer. Vun dëse Frae si 46%, déi eleng mat hire Kanner liewen. Mir wäerten och an Zukunft déi Dispensë méi geziilt ënnert dem Gender-Aspekt ënnersichen, fir net och do deeselwechte Feeler ze maachen, dass nëmme méi Fraen dorënner fale wéi Männer, nëmme just well se ebe Frae sinn.

D'Donnéeën iwwert d'Aarmutt am Kader vum Plan inclusion, do wäerte mir kucke fir déi méi genee ze kréie wat d'Männer an d'Fraen ubelaangt.

De Service d'action sociale wäert an Zukunft seng Statistiken no de Geschlechter opschlësselen, esou séier wéi mer d'Méiglechkeeten dofir hunn. Och eng Formatioun wäert gemaach gi fir all déi Leit, déi dora schaffen.

Op där anerer Säit fanne mir, an dat ass nach interessant ze wëssen, dass besonnesch d'Femmes monoparentales deen héchsten Taux d'activité hunn. Och dat ass eppes wat wichteg ass, wann een op där enger Säit seet, dass der esou vill net kënne schaffe goen, op där anerer Säit si awer méi um Aarbechtsmaart sinn a wou dann ëmmer erëm d'Fro sech stellt: Wat heescht hei de Choix ze hunn? Wien huet iwwerhaapt d'Méiglechkeet a wien huet se net?

Hei ass och geschwat ginn a kuerze Wierder iwwert de Fraen- an iwwert de Mënschenhandel. Do wëll ech soen, dass ewell 1995, 1996 - do waart Dir nach net hei, Här Colombera, dofir kënnt Dir dat vläicht och net wëssen, Dir kënnt dat awer noliesen - ganz heroesch Diskussiounen hei gefouert gi sinn. Dir hutt och gesot, Dir géift mer hëllefen. Dir hutt mer awer net gesot, wéi Der mer géift hëllefen. Mir si wierklech op d'Hëllef vu jiddferengem ugewisen. Mir hunn och do Wélles en Aarbechtsgrupp anzesetzen, fir ze kucke wéi mer déi ganz Fro iwwert d'Artisten an d'Artistinnen aneschters kënnen handhaben, a wou mer och wëlle Spezialisten a Spezialistinnen aus Holland a Schwede komme loossen, déi Erfahrung hunn. Holland huet d'Prostitutioun agefouert als Beruff, an a Schweden ass d'Prostitutioun ganz verbueden. Wichteg wieren Informatiounen a Rotschléi vun deene Leit ze kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech gesinn dass meng 40 Minutten eriwwer sinn. Männer a Fraen hunn e Recht op Aarbecht. Männer a Fraen hunn e Recht op eng Famill. De Choix vun deem Eenzelnen, de Choix vun de Familljen hu mir ze respektéieren, net ze beuerteelen, nach vill manner ze veruerteelen. Mir hunn d'Flicht op d'Rechter an d'Flichten an och op d'Risiken hinzeweisen, mä d'Entscheedung mussen d'Leit selwer treffen. Mir all zesumme musse fir e familljefrëndlecht Ëmfeld suergen, ob dat als Regierung, als Chamber, als Gemeng oder och als Sozialpartner ass, fir d'Entscheedunge vun de Männer a Fraen iwwerhaapt och wierklech méiglech ze maachen.

Eist Sozialnetz muss ebenfalls ëmmer erëm deenen neien Erausfuerderungen ugepasst ginn, fir ze verhënneren dass Jugendlecher, Männer a Fraen, an d'Aarmutt falen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zum Vote iwwert d'Motiounen, déi während dem Débat abruecht gi sinn. D'Madame Renée Wagener huet d'Wuert.

***Motions***

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wollt just kuerz eppes zu deenen zwou Motioune soen, déi eis virgeluecht gi sinn. Mat der Motioun iwwert d'Mikrokreditter hu mer weider keng Schwieregkeeten. Mat där anerer Motioun eigentlech och net, mä mir sinn awer wierklech relativ erstaunt iwwert dee Virstouss, deen elo hei gemaach gëtt an och iwwert d'Ënnerschréften, déi ënnert där Motioun stinn, wou et drëms geet, dass ventiléiert Donnéeë par sexe sollen an allen Domainer an op allen Niveauen opgestallt ginn.

D'Madame Err hat virdru schonn drop higewisen, dass mer bei der Diskussioun iwwert de Projet de loi vun der Loi électorale hei sang und klanglos mat eise Fuerderungen ënnergaange sinn, wat dee Punkt betrëfft. Ech gesinn och Leit aus der DP, déi déi heite Motioun mat ënnerstëtzen, sou dass ech do awer ee ganz klenge Widdersproch trotzdeem wëllt feststellen. Ech weess net, ob Der elo méi klug gi sidd wéi Der nach viru 14 Deeg waart oder wéi dat ze erklären ass, op alle Fall natierlech kënne mir nëmme begréissen dee Fortschrëtt, deen do stattfonnt huet.

Ech hu gesinn, dass mer ee Blat ausgedeelt kritt hu vum Statec, wou drop higewise gëtt dass dem Statec seng Statistike souwéisou scho sexventiléiert géife ginn. Ech

weess net wien deen Ziedel ronderëm goe gelooss huet, ob e vu Regierungssäit kënnt oder vun enger vun de Fraktiounen heibannen? Ech weess och net, ob en iergendeppes oder de Géigendeel soll beweisen, wéi dat hei gemengt ass? Ech weise just drop hin.

M. le Président.- Et ass d'Madame Ministerin, déi deen Dépôt gemaach huet, mat dem Wonsch dass et soll ausgedeelt ginn.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Et steet Ministère de la Famille drop, mä do kann ee vill Interpretatiounen derzou ginn. Mir wëssen dat dann elo.

***(Bruits de fond)***

Et ass wierklech net esou einfach hei ze schwätzen. Ech wëll just soen, dass de Statec net dat eenzegt Institut ass, dat Zuelen opstellt, an dass dat dann an deem Sënn just een Aspekt vun der gesamter Realitéit zu Lëtzebuerg ass, mä dass et aner Instituter gëtt déi esou Zuelen zesumme stellen a beaarbechten, an dass déi dann natierlech och mussen deen do Effort maachen. Fir de Rescht, wéi gesot, wäerte mir déi zwou Motioune kënne stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Nicklaus-Faber.

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat gemengt als Rapportrice kréisch ech als éischt d'Wuert. Ech wollt nach eppes soen zu der éischter Motioun.

Dee Pabeier, dee mer elo kritt hu vum Statec, do geet Rieds dra vu „la plupart des tableaux", et steet net do all d'Tableauen. „Un grand nombre de publications", et steet net do all d'Publikatiounen.

Op jidde Fall ass et esou, dass mir an eisen Aarbechten eng ganz Partie Énnerlagen net haten - ech weess net, ob se do sinn oder net -, well bei der Pauvretéit konnte mir keng Differenz maache wien aarm ass: Wéi vill Fraen, wéi vill Männer? Do gëtt et nëmme global Chifferen. Déi Motioun ass also guer net superfétatoire.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Fortschrëtt bei der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ass jo da spierbar, well mat mengem Accord meng Kolleegen effektiv, aus wat fir enge Grënn och ëmmer, vläicht wéinst dem Dag vun haut, dat doten ënnerschriwwen hunn. Ech wëll lech just nëmme soen, dass dee Fortschrëtt awer bei mir perséinlech ophält.

A titre tout à fait personnel stëmmen ech dat doten net, sondern ech enthale mech. Normalerweis stëmmen ech Saachen, déi ech verstinn, a wann ee mer entzwousch schreift eng „approche sexospécifique", do weess ech net wat dat ass. Déi Terminologie steet och net am Petit Robert. A wann een dann d'Regierung opfuerdert, a besonnesch eng Ministerin wéi d'Madame Jacobs, déi schonn esou vill gemaach huet an deene leschte véier Joer fir d'Fraen an hirem Familljeministère, opfuerdert nach méi ze maachen, „de manière plus soutenue", dat ass schonn eng Kritik vis-à-vis net nëmme vun der Regierung, mä besonnesch vis-à-vis vun där Ministesch.

Doriwwer eraus wëll ech lech soen, well ech weess net, well dat ass net spécifiéiert, wat fir eng Efforten dass se soll maachen, et steet just do „plus soutenue les efforts".

Wat ech nach net verstinn, dat ass „établissement de données ventilées par sexe dans tous les domaines". Dat ass eppes, dat verstinn ech och net. An étant entendu dass do eng Rei Saachen dra sinn, déi ech perséinlech, ech weess och net aus wat fir enge Grënn, net ka verstoen an och net verstinn, kann ech ebe perséinlech dat doten net stëmmen an ech enthale mech, mä meng Fraktioun, aus deene Grënn, déi ech lech genannt hunn, an och aus politesche Grënn, meng gesamte Fraktioun, ausser mir, wäert déi Motioun stëmmen.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Et huet elo jidderee geschwat. Mir stëmmen also dann of.

***Votes***

Wie fir d'Motioun 1 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech gesinn, dass déi grouss Majoritéit fir déi Motioun ass.

D'Motioun 1 ass ugeholl.

***(Interruptions diverses)***

Et ass awer duergaangen.

***(Interruptions)***

Wann eng Stëmm weider ass, dat geet schonn duer.

Mir kommen dann elo zur Motioun 2.

Déi ass jo och explizéiert ginn a mir kënnen, mengen ech, direkt driwwer ofstëmmen.

Wien also fir d'Motioun 2 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Mir stelle fest, och dës Motioun ass mat enger grousser Majoritéit ugeholl, an domadder wiere mer dann um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

Déi nächst Sitzung ass muer de Moien a fänkt um néng Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 19.26 heures)***

## MERCREDI, 12 MARS 2003

# 35E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Nico Loes, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. Communication
2. Interpellation de M. Marc Zanussi sur l'élaboration d'un plan sectoriel Transport pour le Bassin minier
   *(Discussion générale)*
3. Dépôt d'une proposition de loi
4. Interpellation de M. Marc Zanussi sur l'élaboration d'un plan sectoriel Transport pour le Bassin minier
   *(Discussion générale - suite - Motions - Votes)*
5. Nomination d'un commissaire aux comptes pour la Société Nationale de Crédit et d'Investissement *(Vote)*

Au banc du Gouvernement se trouve M. Henri Grethen, Ministre.

***(Début de la séance publique à 9.01 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Matdeelung ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

### 1. Communication

Ech hunn der Chamber folgend Kommunikatioun ze maachen:

Gëschter, den 11. Mäerz, huet de Budgetsminister Luc Frieden de Projet de loi 5105 iwwert de Bäitrëtt vu Lëtzebuerg an déi asiatesch Entwécklungsbank déposéiert:

*- Projet de loi 5105 relatif à l'adhésion du Luxembourg à la Banque Asiatique de Développement.*

Mir kommen direkt zur Interpellatioun, déi vum Här Zanussi ugefrot ginn ass. Et sinn ageschriwwen: d'Hären Norbert Haupert, John Schummer, Gast Gibéryen, Jean Huss, Serge Urbany a Fred Sunnen.

D'Wuert huet den Interpellant, den honorabelen Här Zanussi.

### 2. Interpellation de M. Marc Zanussi sur l'élaboration d'un plan sectoriel Transport pour le Bassin minier

M. Marc Zanussi *(LSAP), interpellateur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Interpellatioun vun haut huet eng relativ laang Virgeschicht. Ech hat déi Interpellatioun am Juni 2001 ugefrot gehat, aus der Iwwerleeung eraus dass deemools iwwert dee Plan sectoriel Transport vill geschwat ginn ass, Plan sectoriel dee säitens der Regierung annoncéiert gi war.

Ech wëll agangs e puer Mercien deene Leit ausdrécken, déi mir bei der Virbereedung vun der Interpellatioun gehollef hunn, déi eng oder déi aner Informatioun zesummen ze droen: verschidde Vertrieder vu Bureaux d'études, eenzel Fonctionnairen aus de Verwaltungen, Vertrieder a Vertriederinne vu Biergerinitiativen, de Mouvement écologique. All hu se duerch hir Beiträg op eng ganz interessant Aart a Weis déi Diskussioun beräichert.

Ech wëll awer och mäi Bedauern ausdrécken iwwert d'Tatsaach, dass ee Bureau d'études, deen ech kontaktéiert hat fir de leschte Stand gewuer ze gi vum Plan sectoriel Transport an iwwert déi aktuell Entwécklung, refuséiert huet mech ze begéinen, well e vun der Regierung verbuede kritt hat een Deputéierten ze ëmfänken. Si hu mir dat och schréifflech matgedeelt, dass se mech net dierften ëmfänken. Ech fannen, dass dat kee grousst Zeeche vun Transparenz ass a keng gutt Aart a Weis fir d'Diskussioun ze animéieren.

Wëssend, dass de Plan sectoriel Transport een Element ass fir d'Erstelle vun engem landeswäite Konzept, a vun dohier ass et nëmmen normal dass et och e puer Beräicher gëtt, déi iwwert de Süden erausginn, déi verkéierspolitesch relevant sinn an déi och mussen ugeschnidde ginn, dëst besonnesch well am Süden vill iwwert d'Rekonversioun vun den Industriebrooche geschwat gëtt an domat verbonnen d'Absicht vun der Regierung villes ze dezentraliséieren, wat mat sech wäert bréngen, dass eng Rei vun zousätzleche Bewegunge wäerte kommen. Fir deen zousätzlechen Trafic ze géréieren, brauch ee selbstverständlech e kohärent Gesamtkonzept.

Bei der Formulatioun vu menger Interpellatioun hunn ech wuel de Plan sectoriel Süden ugeschwat, hunn awer d'Gewiichtung op den öffentlechen Transport am Verglach mat dem Individualverkéier, der Landesplanung, dem integréierten Transport an der Strategie vun der Eisebunn an deen Text era formuléiert, fir d'Diskussioun e bësse méi breet ze fächeren.

D'Regierung bastelt scho während enger ganzer Rei vu Joren un deem Plan sectoriel, dee vum Minister Wolter viru Jore schonn annoncéiert gi war. Ech denken, dass an där Zäit tëschent dem Annoncéiere vun deem Plan sectoriel vun der Regierung an haut keng Politik am eidele Raum gemaach ginn ass, well an der Zwëschenzäit ass och dat eent oder dat anert geschitt. Et sinn Aussoen iwwer Stroossebaupolitik gemaach ginn, iwwert de Projet Mobilitéit.lu an aneres méi. Ech gesinn dës Interpellatioun an deem politesche Prozess.

Dës Interpellatioun ännert näischt un der Aktualitéit, d'Thema ass méi wéi jee aktuell. D'Situatioun op eise Stroosse gëtt vun Dag zu Dag méi chaotesch an et gesäit ee mëttelfristeg keng Perspektive wéi dat kënnt geléist ginn.

Et arrangéiert sécherlech d'Regierung an den Transportminister, dass d'Interpellatioun elo eréischt kënnt, well tëschent Juni 2001 an haut war d'Geleeënheet fir de politesche Bilan duerch e puer Projeten opzebesseren.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Här President, ech wëll dem Interpellant ganz klor soen, dass et mech guer net arrangéiert. Ech soutz schonn eng Kéier hei an der Chamber an dunn huet d'Chamber décidéiert, d'Interpellatioun vum Ordre du jour ze huelen. Ech géif also drëms bieden, net esou Saachen an d'Welt ze setzen.

Des voix.- Très bien.

M. Marc Zanussi *(LSAP), interpellateur.*- Här President, deen Datum hei ass vum Här Grethen festgeluecht ginn. D'Interpellatioun ass wuel eng Kéier verluecht ginn, awer mam Accord vun der Regierung. Ech maache just e Constat, net méi an net manner. Et ass éischter e Virdeel wéi en Nodeel fir d'Regierung, dass d'Interpellatioun elo eréischt stattfënnt, well an Zwëschenzäit ass den IVL an Optrag gi ginn a Mobilitéit.lu ass presentéiert ginn.

Wann een iwwert Transportpolitik am Allgemenge schwätzt an iwwer Mobilitéit, muss een natierlech soen, dass dat net nëmmen eppes mat Transport ze dinn huet, mä awer och mat Liewenspolitik, an domat wäre mer beim Thema Klimaschutz.

Dës Regierung schwätzt an deene leschte Méint net méi allze oft iwwert dëst Thema, obwuel d'Regierung Enn 2001 d'Kyoto-Ofkommes ënnerschriwwen huet, dat beseet dass d'$CO_2$-Emissioune musse bis d'Joer 2012 ëm 28% reduzéiert ginn. Wann ee weess, dass 1998 ee Véierel vun den einheimeschen $CO_2$-Emissioune oder dräi Tonne pro Awunner eleng op de Stroosseverkéier zréckzefeiere sinn, ouni dass do den Tanktourismus berücksichtegt ass, deen am Joer 1998 eleng fir 35% vun deenen Emissioune verantwortlech war, dann ass dat ee Chiffer deen erschreckt, deen awer confirméiert gëtt duerch dee leschte Sondage vun der ILReS, wou draus ervirgeet, dass 16% vun den Autoen, déi an eist Land erafueren, nëmme komme fir ze tanken.

Am Mäerz 2002 konnt een aus den Aussoe vum Här Statsminister eraushéieren, dass deen Objectif, deen d'Regierung sech gesat hat, relativ ambitiéis wär an dofir och schwéier ëmzesetze wär.

Do hätt ech dann och eng Fro un d'Regierung: Wëssend, dass ee Véierel vun deenen Emissiounen duerch den Transport ausgeléist ginn, wëssend och, dass et op der Säit vun der Regierung e Programm gëtt vum Ëmweltministère fir ze kucke fir dës Objektiver ze erreechen, mengen ech huet d'Regierung sech éischter an d'Richtung geschloe fir op de Wee vu Kompensatiounen vu Projeten am Ausland ze goen, fir dës Objektiver ze erreechen. Wéi wäit ass d'Ëmsetzung vun deene Projete fortgeschratt a wéini gedenkt d'Regierung dës Objektiver nach kënnen ze erreechen?

E wichtegt Element bei der Landesplanung ass dat vun den Instrumenter, déi ee sech gëtt, fir déi Landesplanung ze organiséieren. D'Regierung huet viru Méint décidéiert en integréiert Verkéiers- a Landesplanungskonzept an Optrag ze ginn. Dat Konzept ass op enger Pressekonferenz vun dräi Ministere virgestallt ginn: der Mme Hennicot-Schoepges, dem Här Grethen an dem Här Wolter. U sech ass dat eng gutt Saach, wann eng Regierung sech esou en Instrument gëtt. Ech denken, dass et och eng gutt Saach ass fir iwwert deen do Wee eng Rei vu Verkéiersproblemer vum Süden an de Gréff ze kréien, bleiwen awer der Meenung, dass den Zäitpunkt fir esou een Optrag ze ginn ze spéit ass. Et ass schonn ze vill Zäit verluer gaangen ass. Wann een esou eppes wéi dat do wëllt maachen, da mécht een dat am Ufank vun enger Legislaturperiod an net zum Schluss.

***(Interruptions)***

Des voix.- De Mikro funktionéiert erëm.

Här Zanussi, Dir musst erëm vu vir ufänken.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Här President, ech hu kee Problem dermat, dass den Här Zanussi erëm vu vir ufänkt, well bis elo huet en nach guer net iwwert den Transport geschwat.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Den Här Grethen ass anscheinend op engem Ouer daf!

M. Marc Zanussi *(LSAP), interpellateur.*- Här President, ech géing mat mengen Ausféierunge

weiderfueren. Den IVL ass, menger Aschätzung no, ze spéit an Optrag gi ginn. Et dauert ze laang bis d'Resultater virleien, an ech hunn de Verdacht, dass d'Regierung et hei d'selwecht handhaabt wéi mat der Schoulpolitik, wou an deenen éischte Joren näischt gemaach gëtt an dann zum Schluss vun der Legislaturperiod Projeten op den Dësch kommen, wëssend dass déi Entscheedungen, déi aus deene Projeten ervirginn, net méi kënne geholl ginn, an doduerch se keng Oppositioun am Land brauchen a Kaf ze huelen. D'Regierung hofft mat där do Prozedur sech bis zu deenen nächste Wahlen ze retten. Ech sinn awer der Iwwerzeegung, dass d'Leit dat dote Spill duerchkucken.

A wann ech dann iwwert den IVL geschwat a gesot hunn, dass dat u sech een interessanten Objet ass an eng gutt Saach, stelle sech dach awer, Här Grethen, an dat huet och mam Süden ze dinn, ob Dir dat wëllt oder net, eng Rei vu Froen, wat deen IVL dann u sech soll sinn. An déi Froen, déi si menger Aschätzung no pertinent.

Wat fir e politesche Stellewäert huet dat Dokument, wat do erschafft ginn ass? Gëtt et e politescht Handlungsinstrument vun der Regierung? Bleift et eng weider Broschür wéi Mobilitéit.lu oder anerer? Wéi gesäit d'Abannung vun de Gemengen an dee Prozess aus? Wéi gesäit d'Abannung aus vun deenen aneren Transportpartner: d'Eisebunn, den TICE, d'AVL? Wat fir eng Strategie huet d'Regierung fir interesséiert Bierger an deen do Prozess mat anzebannen? Alles dat si Froen, déi wichteg sinn.

Wéi prezis gëtt dat do Dokument? Wat fir eng Virgaben huet de Bureau kritt? Kënne Projeten, déi vun der Regierung annoncéiert ginn, a Fro gestallt ginn? Kann de Büro déi Fro vum BTB-Projet oder vum schinnegebonnenen Uschloss an den Zentrum vun der Stad Lëtzebuerg nach eng Kéier diskutéieren? Ass et eng Tatsaach, dass verschidde Stroossebauprojete wéi d'Westtangente vun der Nordstrooss, de Contournement vu Bascharage an Dippech, d'Verbreederung vun der Diddelenger Autobunn vu véier op sechs Spuren, net méi däerfen am IVL diskutéiert ginn? Alles dat si Froen, op déi et interessant wär eng Äntwert ze kréien. Ech denke schonn, dass déi mat Transport eppes ze dinn hunn.

Dann zum Thema Mobilitéit.lu, en Dokument wat am Joer 2001 am Januar presentéiert ginn ass, alt erëm eng Kéier e schéint faarwegt Dokument, mat faarwege Landkaarten, mat Gleiser, mat Garen, mat Park & Riden a mat ähnlechem. Bei enger detailléierter Analys gesäit een, dass vill vun deene Projeten, déi a Mobilitéit.lu erëm ze fanne sinn, aus dem Plan directeur vum Joer 1998 ënner anerem stamen, goufen eng Rei vu Schinneprojete fir de Süde virgestallt, wat ouni Zweifel eng gutt Saach ass. Allerdéngs ass an deem Projet d'Schinnenubannung vum Stadszentrum net méi dran. De Konzept fousst op der Tatsaach, dass et e Park & Ride gëtt, wou d'Leit mam Auto hifueren, mam Zuch an d'Stad fueren, erëm erausklammen a mam Bus an d'Stad erafueren. Dat ass e Projet an eng Iddi, déi duerchaus diskutéierenswäert sinn, well ech d'Meenung vertrieden, dass e Konzept, wann et esou fonctionnéiert, deem Bedürfnis an deem Zil dat mer verfolgen, nämlech d'Leit iwwert den öffentlechen Transport an d'Stad ze kréien, net fonctionnéiert, well ganz einfach an der Stad d'Busspuren, d'Bussen iwwerfëllt sinn an et grouss Kapazitéitsproblemer gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen dass mat deem dote Projet de Problem vu der Mobilitéit net ka geléist ginn an dat doten och keng Alternativ zum BTB-Projet duerstellt. Ech hunn dann interessanterweis am Leitartikel vum Lëtzebuerger Wort, den 28. Januar 2002, och emol eng Kéier déi doten Ausso héieren an et ass interessant...

***(Interruptions)***

…a gutt ze héieren, dass och mol eng Kéier déi doten Ausso net vu der LSAP gemaach gëtt, mä vu engem aneren Deel a vun enger anerer Press.

Zur Mobilitéit.lu hätt ech dann och eng ganz Rei vu Froen un de Minister. Déi Froe bezéie sech dorop wat Mobilititéit.lu dann eigentlech ass a wat et net ass. Ass dat doten d'Verkéierskonzept an d'Meenung vun der ganzer Regierung? Ass et nëmmen déi vun der Demokratescher Partei an hirem Minister? Ass et leedeglech eng Broschür? Ass dat d'Verkéierskonzept, wat a Mobilitéit.lu presentéiert gëtt, dat Konzept wou d'Majoritéit an der Chamber derhannert steet? Ass dat doten dat Konzept wou d'Majoritéit vun der Chamber mengt, dass d'Verkéiersproblemer vum Süde kënne geléist ginn? Mir hunn hei an der Chamber nach ni iwwer Mobilitéit.lu diskutéiert. Ech erënneren drun, dass, wéi d'Diskussioun iwwert de BTB-Projet war, et e Rapport ginn ass an eng Motioun. Et gëtt also keng politesch Ausenanersetzung iwwert deen doten Dossier an ech wär frou, wann ech déi dote Froe vu Säite vun der Regierung kënnt beäntwert kréien.

Wann een dann iwwert Transportfroen, a méi spezifesch Transportfroen am Süde schwätzt, muss een natierlech och e puer Wuert iwwert d'Eisebunn verléieren. Ech denken, dass d'Eisebunn an deene Froe vun Transportpolitik hei zu Lëtzebuerg eng grouss Bedeitung huet, a wann ee gesäit dass de Landesverband sech virun e puer Deeg mat der Situatioun op der Eisebunn beschäftegt huet, da mengen ech, dass dat, wann haut eng Interpellatioun ass, och ee Wuert verdéngt, wëssend dass mer nach d'Chance kréien an enger Interpellatioun vum Här Bausch am Detail doriwwer kënnen ze schwätzen.

D'Eisebunner maache sech Suergen ëm hir Personalsituatioun, ëm d'Aarbechtskonditiounen, ëm d'Material, ëm de Fuerpark an ëm d'Infrastrukturen, de Centre de maintenance an Ähnleches.

D'Eisebunnsdirektioun an d'Regierung hunn dee Betrib schlecht op déi Liberaliséierungserausfuerderunge virbereet. Et gëtt nach ëmmer keng kohärent Eisebunnsstrategie, weder fir de Gidderberäich, nach fir de Persounentransport, weder fir de Süden nach fir d'ganzt Land. Fir hir Aufgab ze maache brauch d'Eisebunn anstänneg Aarbechtskonditiounen. D'Eisebunn brauch Personal, an dozou gehéiert eiser Aschätzung no och eng CFL-Gesellschaft mat engem integréierte Service-Ugebuet fir Gidder a fir Persounen, an dat neit Material, dat gebraucht gëtt, war laang gewosst, dass et gebraucht gëtt, allerdéngs war d'Décisioun hypothekéiert duerch d'Fro: BTB oder net BTB? An dës Regierung, déi jo vun Ufank u gesot huet, dass se kee BTB-Projet wëllt realiséieren, hätt also missen direkt nom Untrëtt dofir suergen, dass neit Eisebunnsmaterial géing bestallt ginn. Si huet dat versäumt, mat der Tatsaach dass dat neit Material fréiestens am Joer 2004 kënnt. Och hei ass ganz vill Zäit verluer gaangen, ier d'Voyageure vun deem neien Zuchmaterial kënne profitéieren.

Mir hunn eis als LSAP och fir eng Kapitalerhéijung vun der Eisebunn ausgeschwat, déi d'Finanzéierung vun deem dote Material ofséchere soll an och dofir plädéiert, dass d'Eisebunn mat der Regierung laangfristeg Kontrakter soll maachen, fir de Persounentransport ze organiséieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, niewent dem Material brauch d'Eisebunn awer och Infrastrukture fir hir Reparaturaarbechten an hir Aarbechten insgesamt ze maachen. Do schaffe ganz vill Leit an ech vermëssen, dass scho laang näischt méi iwwert de Centre de maintenance, scho laang näischt méi iwwert d'Busgarage vun der Eisebunn geschwat gëtt. Och dat sinn eiser Meenung no Prioritéiten, déi onbedéngt mussen erfëllt ginn, fir dass d'Eisebunn anstänneg ka fonctionnéieren, an iwwert déi dote Moossnamen, déi ech elo hei virbruecht hunn, wëllt ech och eng éischt Motioun dem Här President iwwerreechen.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les tendances inquiétantes au niveau européen vers une libéralisation progressive de certains services publics, comme par exemple le transport de personnes et de marchandises;*

*- soulignant qu'il est de la compétence du Gouvernement de veiller à ce qu'un service public de qualité accessible pour tous les usagers soit garanti;*

*- considérant que l'entretien normal du réseau ferroviaire doit rester assuré;*

*- sachant l'intention du Gouvernement d'investir dans de nouveaux projets ferroviaires;*

*- rappelant qu'il faut donner à la Société des Chemins de fer les moyens nécessaires à la bonne gestion de ses activités;*

*invite le Gouvernement*

*- à se prononcer clairement en faveur d'une entreprise des CFL qui offre des services intégrés;*

*- à procéder à une augmentation de capital de la SNCFL et à la conclusion de contrats de longue durée dans le transport public des voyageurs qui puissent tenir compte de la durée d'amortissement assez longue du nouveau matériel nécessaire;*

*- à faire en sorte que du nouveau matériel roulant en quantité suffisante, aussi bien pour le transport de personnes que pour le transport de marchandises, soit acquis au plus vite;*

*- à faire en sorte que la construction d'un nouveau centre de maintenance pour le matériel ferroviaire et la construction d'un nouveau garage pour les bus des CFL soient concrétisées.*

*(s). Marc Zanussi, Jean Asselborn, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux.*

Iwwert d'Situatioun vun der Eisebunn, wéi gesot, schwätze mer nach eng Kéier am Detail bei der Interpellatioun vum Här Bausch. Do bleift nach villes ze soen iwwert den transfrontaliere Verkéier, iwwert de Gidderverkéier an ähnlechem.

Dann zu deene geplangtenen Infrastrukturprojete vun der Eisebunn, besonnesch am Süden. Ech erënneren do zum Beispill un d'Verduebelung vum Gleis vu Rodange an d'Stad, un d'Neibaustreck Esch-Lëtzebuerg, un déi Neibaustreck Beetebuerg-Lëtzebuerg, un d'Ausdehnung vum Gleis vun Diddeleng op Wuelmereng. Alles dat, wéi gesot, Projeten aus dem Plan directeur ferroviaire aus dem Joer 1998, an an deem Zesummenhank och nach un déi nei Projeten iwwert d'Rekonversioun vun de Broochen am Süden an dann un dee Projet, dee vun der Regierung elo viru kuerzem deponéiert ginn ass, iwwert de schinnegebonnenen Uschloss vum Kierchbierg, wat sécherlech ee vun deene kontroverseste Projeten ass.

D'Ubannung vum Kierchbierg interesséiert selbstverständlech och déi Leit aus dem Süden, besonnesch wann de Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg behaapt, 83% vun de Leit kënnte mam Zuch, ouni ëmzeklammen, op de Kierchbierg fueren, wat selbstverständlech net richteg ass well ee muss an der Gare ëmklammen, well ee mam Zuch d'Pente vum Kierchbierg net eropkënnt. Ech wëllt och hei soen, dass am Projet BTB jo d'Ubannung vum Kierchbierg an och d'Ubannung vum Findel enthale waren, mä mir awer der Iwwerzeegung sinn, dass an Zäiten, wou et trotzdeem mat de Suen offentsichtlech e bësse méi enk gëtt, ganz kloer Prioritéite musse gesat ginn, a fir eis sinn dat dote ganz kloer déi falsch Prioritéiten.

Aus den Aussoe vun der ILReS-Etüd am Oktober 2001 geet kloer ervir, dass 70% vun de Leit, déi an d'Stad fueren, an den Zentrum vun der Stad fueren, oder si fueren an de Süde vun der Stad. Nëmme 25% fueren op de Kierchbierg, Sandweiler oder op de Findel. Wat maachen also d'Leit herno alleguerten um Kierchbierg, wa se mussen an den Zentrum oder an de Süde vun der Stad schaffe goen. Ech behaapten also, dass och dat dote keng Alternativ zum BTB-Projet duerstellt. Mat dëser Hellewull vu Projeten, déi um Pabeier stinn, a wou d'Finanzéierung nach a kengster Aart a Weis ofgeséchert ass, geet et drëm de Leit, a besonnesch de Leit aus dem Süden, Sand an d'Aen ze streeën, mä ech mengen dass dat op kee Fall wäert geléngen.

Och bei dëse Projeten ass vill Zäit verluer gaangen. Et gëtt kee Grond firwat dass déi Projeten elo eréischt deponéiert ginn. De Minister Grethen huet gemengt, déi wieren eréischt an engem embryonalen Zoustand gewiescht. Ech behaapten dass dat falsch ass, hie behaapt dass dat richteg ass. Déi Gespréicher, déi ech mat responsabelen Ingenieuren hat, deiten drop hin, dass déi Projeten do an och déi vum Kierchbierg vill éischter hätte kënnen deponéiert ginn.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Här President, ech proposéieren dem Interpellant mech mat deenen Ingenieuren, déi dat soen, zesummenzebréngen a mat mengen Expären, da kënne mer déi Fro do definitiv klären. „Man nenne Ross und Reiter."

M. Marc Zanussi *(LSAP), interpellateur.*- Ech si gäre bereet lech déi doten Nimm herno ze ginn, Här Grethen, an da kënnt Der préiwen ob dat richteg war oder net.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Mir kommen an d'Chamberskommissioun domat.

M. Marc Zanussi *(LSAP), interpellateur.*- Ech ka se och an der Chamberskommissioun nennen, dat ass kee Problem. Dat ännert awer näischt un der Tatsaach, dass Dir de Contraire behaapt.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Dat gesi mer jo dann.

M. Marc Zanussi *(LSAP), interpellateur.*- Jo, dat gesi mer dann, ech si gär bereet dat ze maachen.

Mir bleiwen also als Sozialisten der Meenung, dass och dat do keen Ersatz fir de BTB-Projet ass a mir vertrieden eben och d'Meenung a si gestäerkt an der Ëmfro vum Mouvement écologique vum Joer 2002, dass de BTB-Projet nach ëmmer eng grouss Zoustëmmung hei am Land huet. Déi Ëmfro huet schliesslech erginn, datt 72% vun de Leit aus dem Süden de BTB-Projet an den Uschloss vum Stadzentrum bevirwuerten, 71% am Zentrum an och nach 57% an der Stad Lëtzebuerg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir behaapten dass an deene Froe vun der Schinneninfrastruktur déi falsch Prioritéite gesat sinn a mir wollten eis net laanscht eis Responsabilitéit drécken an der Regierung an dem Parlament an de Leit dobausse soe wat eis Prioritéiten an deem dote Beräich sinn, an déi si ganz, ganz kloer.

Dat ass alleréischtens d'Neibaustreck tëschent Beetebuerg an der Stad Lëtzebuerg, well déi Kapazitéit definitiv um Enn ass, a fir egal wat een hannert der Stad wëllt maachen, brauch een deen Ausbau. Zweetens den Ausbau vun der Gare Lëtzebuerg, an drëttens bleiwe mer derbäi, dass d'Ubannung vum Stadszentrum vum Süden aus mat de Schinnen eng Léisung fir d'Verkéiersproblemer vum Land wäert duerstellen.

Ech wollt an deem doten Zesummenhang och d'Regierung froen, wat dann elo wierklech d'Prioritéite bei deenen Infrastrukturprojete vun der Regierung an deem heite Fall sinn, well dat interesséiert d'Leit am Süde ganz besonnesch. An ech géing och gär vum Minister wëssen, wéi et dann ëm d'Eisebunnsstrategie steet. Ech kann net domadder d'accord sinn, dass e sech dohannert verschanzt, e géing se ëmmer bei der Eisebunn froen, an déi géing se leider net wëlle liwweren. De Stat ass zu 94% Kapitalinhaber vun der Eisebunn, an d'Responsabilitéit iwwert d'Zukunft vun der Verkéierssituatioun dréit de Verkéiersminister, an ech wëllt hei dann nach eng Kéier froen, wéini dass mat där Strategie do ze rechne wär.

Dann, Här President, wollt ech e puer Wuert iwwert d'Stroossen-infrastrukture soen, déi geplangt sinn, déi selbstverständlech och eppes mat der Situatioun am Süde vum Land ze dinn hunn an déi vill méi konkret si wéi alleguerten déi aner Projete vum öffentlechen Transport. An den Dokumenter vun der Regierung gëtt vu Planfäll geschwat, déi et am öffentlechen Transport net gëtt. Mat deene geplangte Virentscheedungen iwwert d'Stroossen, besonnesch am Süden an am Südwesten, gëtt de Projet an d'Iddi, menger Aschätzung no, vun engem IVL ridiculiséiert. Kee Wonner dass d'Bierger am Land den Androck hunn, den IVL wär soss näischt wéi eng Alibifunktioun. An dat gëtt dann och nach an engem Dokument iwwert de Sommet vun der Grande Région den 12. November 2001 bekräftegt, wou nozeliesen ass dass d'Ministere Wolter, Juncker, Hennicot a Grethen sech offensichtlech engagéiert hunn eng Rei vu Stroossebauprojeten ze realiséieren; dat léisst natierlech d'Landes- an d'Régionalplanung zur Farce ginn.

Ee vun deene Projete ass zum Beispill d'Ubannung vun der Collectrice du Sud bei Sélange un dat belscht Autobunnsnetz. Domadder géing d'Collectrice du Sud eng Transitautobunn ginn, mam Zweck den Trafic tëschent Ärel-Lëtzebuerg, Diddeleng-Metz zum Transitverkéier ze maachen, an domadder dann eng grouss Iwwerlaaschtung fir déi doten Autobunn oder d'Collectrice du Sud mat sech bréngen. Verkeierstechnesch géing domadder natierlech d'Lück tësche Bréissel a Saarbrécken zougemaach ginn, awer mat der Konsequenz dass d'Leit am Süden domadder konfrontéiert wären, dass net méi géing iwwert d'Collectrice du Sud gefuer ginn, mä iwwer aner Stroossen.

Dogéint hunn d'Gemengeréit vu Kënzeg, Diddeleng an anere Gemenge sech gewiert, an och de Buergermeeschter vu Suessem huet an engem Télécran-Interview sech doriwwer ausgelooss a gesot, dass et net gutt ass wann dat dote géing geschéien, well d'Collectrice du Sud dee Verkéier do net packt a mer scho genee wësse wéi d'Problemer haut op der Biff an op anere Plaze sinn, an alles dat hätt zur Konsequenz, dass nei Stroosse misste gebaut ginn, e Bypass zu Monnerech, de Contournement vu Bascharage mat engem béidsäitegen Autobunnuschloss un eng zweet geplangte Collectrice du Sud an aner Stroossen.

Am offizielle Statement vun der Regierung gëtt gesot, dass nach net

vill un deenen dote Projete geschafft gi wär an dass d'Opportunitéit nach misst gepréift ginn. An der offizieller Ausso seet och d'Bauteministerin, dass keng weider Stroossebauprojete géinge geplangt ginn, ouni dass d'Südgemenge géinge gefrot ginn. Zudeem gëtt gesot dass de Gesamtimpakt vun deem dote Projet och misst studéiert ginn, an och eng Nullvariant gepréift ginn, dat heescht dass och eng Alternativ zu der Strooss misst gepréift ginn; an do soll dat am Geescht vun der Direktiv iwwert d'Impaktstudie geschéien.

An der Praxis, Här President, gesäit et awer dann e bësselchen aneschters aus. Am Dokument vun der Regierung steet, dass „une étude préliminaire qui a démontré la faisabilité technique de ce projet", also eng kloer Ausso dass dat dote soll gemaach ginn. An der Äntwert op eng Question parlementaire vum 15. Februar 2002 schreift d'Madame Hennicot da weider „du côté luxembourgeois les études n'ont pas encore été entamées". Et ass also kee Wonner dass d'Leit mësstrauesch iwwer sou widderspréchlech Aussoe sinn, an och do kann ech nach eng Kéier d'Meenung vum Här Sunnen deelen, deen als Buergermeeschter sech och enttäuscht gewisen huet iwwert d'Informatiounspolitk vu senger Parteikolleegin, an en huet dann och am Télécran gesot: „Ich bedauere, dass das Ministerium weder den Gemeindeleitungen noch der Öffentlichkeit seine Bauvorhaben vorgestellt hat." Et gesäit een also, dass do een Informatiounsdefizit steet, deen net nëmme vun eis gedeelt gëtt, mä och vu Parteikolleege vun der zoustänneger Ministerin.

***(Interruption)***

Dat war den Här Krecké.

Dann zu där geplangter Westtangente. Och dat ass e Basisplusfall an den Dokumenter vun der Regierung, deen also soll - egal wat mam IVL geschitt - realiséiert ginn. An ech wéilt just d'Bemierken, dass och mat där doter Strooss just d'Nordsüdachs zesumme geschmolz soll ginn, dass déi Strooss duerch ganz empfindlech Habitatzonen zu Mamer géing goen, wat do grouss Konsequenzen op d'Fauna a d'Flora hätt; an d'Westtangente gëtt net gebaut fir de Verkéier ze entlaaschten, mä fir de Verkéier am Süden an am Südweste vum Land ze zentraliséieren.

An der Praxis, wann een dat doten alles kuckt, stellt ee fest, dass de Stroossebau ëmmerhin nach weider Prioritéit bei dëser Regierung huet, an een Zitat vun der Madame Hennicot seet Folgendes: „Fir kuerzfristeg de Verkéiersproblem ze léisen, musse mer nei Stroosse bauen, an da kënne mer nach kucke wat am öffentlechen Transport ze maachen ass." Dat ass eiser Aschätzung no dee falsche Wee a féiert ganz kloer an eng Sakgaass. An deem Zesummenhang wollt ech dann och eng Fro stellen iwwert den aktuelle Stand vun der Ëmsetzung vun der Impaktstudie: Wou ass déi Impaktstudie drun? Wéini gëtt se ëmgesat? An et wär och interessant vun der Regierung ze héieren, wat dann hir Positioun zu deenen eenzelne Stroossebauprojete wär.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann et net am Süden ëm d'Landesplanung géing goen, da misst ee sech heiriwwer ganz vill Gedanke maachen. Mer hunn als LSAP d'Meenung vertrueden, a vertriede se och hei, an ech wéilt dat a Form vun enger Motioun och hei déposéieren, dass am Fong e Moratoire soll erstallt ginn, iwwert déi Stroossebauprojeten, bis den IVL fäerdeg ass, well ech, wéi aganks gesot, d'Meenung vertrieden, dass een net kann e Landesplanungkonzept erstelle loossen an deem schonn esou vill Virgabe maachen, dass dat herno kee Sënn mécht.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les embouteillages quotidiens sur les routes reliant le Sud au Centre du pays;*

*- encourageant le Gouvernement dans sa volonté d'accélérer le transfert des transports de personnes et des marchandises de la route vers le rail pour améliorer la mobilité dans notre pays;*

*- considérant que sans une action énergique selon des priorités clairement identifiées, l'objectif affiché par le Gouvernement de parvenir à un modal split de 25% en faveur du transport en commun à l'horizon 2015/2020 risque d'être sérieusement compromis;*

*- considérant que selon l'enquête llres effectuée sur les autoroutes en octobre 2001, 70% des personnes sondées ont déclaré se rendre vers le centre et vers la partie sud de la ville de Luxembourg;*

*- considérant que les projets de grande envergure pour notre pays, tels le raccordement ferroviaire au TGV-Est ou le raccordement ferroviaire du Kirchberg, ne pourront porter leurs fruits sans un agrandissement et un réaménagement de la gare centrale, ni sans une nouvelle ligne de chemin de fer reliant Luxembourg-ville et Bettembourg;*

*invite le Gouvernement*

*- à conférer un caractère prioritaire à la construction d'une nouvelle ligne de chemin de fer entre Bettembourg et Luxembourg;*

*- à prévoir un agrandissement et un réaménagement de la gare centrale de Luxembourg-ville, afin de lui assurer une plus grande attractivité et afin de garantir une meilleure desserte aussi bien des destinations existantes que des nouvelles destinations projetées;*

*- à faire en sorte que le centre-ville soit directement relié à la gare centrale par voie ferrée.*

*(s.) Marc Zanussi, Jean Asselborn, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux.*

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*- estimant que la réalisation de projets visant une extension du réseau autoroutier dans la région du sud aurait un impact très néfaste sur l'environnement et la qualité de vie de ses habitants;*

*- considérant que la construction d'autoroutes supplémentaires ne contribue guère à apaiser et à optimiser les différents flux de la circulation routière;*

*- soulignant que l'apport supplémentaire de trafic en provenance de la nouvelle «liaison de Sélange» entraînerait une saturation ingérable sur l'ensemble du tracé de l'actuelle Collectrice du Sud et inciterait les automobilistes à rechercher de nouveau un chemin à travers les localités;*

*- considérant que le Gouvernement a approuvé la démarche d'élaboration d'un concept intégré du développement spatial des transports (IVL - Integratives Verkehrs- und Landesentwicklungskonzept);*

*- considérant que le Ministère des Travaux publics entend malgré tout procéder à la réalisation de grands projets de construction routière;*

*invite le Gouvernement*

*- à décréter un moratoire pour tous les grands projets de constructions routières en attendant les résultats de l'étude IVL et aussi longtemps qu'aucun concept global et cohérent pour tout le transport qui concerne le Luxembourg n'ait été élaboré.*

*(s.) Marc Zanussi, Jean Asselborn, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux.*

Een anere Punkt ass deen iwwert d'Erschléissung vun den Industriezonen, vun de Broochen. Do stellt ee fest dass et eng Chance wär fir bei der Erschléissung vun de Broochen een innovatiivt an zukunftweisend Verkéierskonzept ze erstellen. Dat geet natierlech nëmme wann déi verkéierspolitesch Prioritéiten an Ziler ganz kloer definéiert sinn. Et gëtt een elo am Moment mat engem Dokument vun engem Bureau konfrontéiert, wou d'Ubannung a Richtung Schinn um Plang gutt ausgesäit. Do gëtt vun enger Zuchubannung, vun engem Tram, vu Regionalbussen, vun engem Shuttlesystem innerhalb vun de Broochen, vun enger Magnéit-Schwebebunn an ähnlechem geschwat. Iwwert d'Detailplanung dovunner wär sécherlech nach villes ze soen. Et kéint ee sech driwwer ausloossen, ob dann elo och en Tram sollt duerch déi Brooche fueren a wéi dat Busnetz interne sollt funktionéieren. Do gëtt et sécherlech nach munches ze kritiséieren an ze verbesseren, mä am Usaz kléngt dat doten u sech net schlecht.

Et muss ee just bedaueren, dass elo kuerzfristeg eng ganz Rei vu Parkplazen an deene Broochen do sollen entstoen, déi natierlech herno laut de Planungen nach eng Kéier sollen ewech gemaach ginn a Plaz maache fir den öffentlechen Transport. Ech hunn dodriwwer meng Bedenken, ob Parkplazen, déi eemol geschaf gi sinn, nach iergendwann eng Kéier ewech geholl ginn.

Am Zesummenhang mat deem doten Dokument wéilt ech dann och eng Rei vu Froe stellen: Ass dat Dokument do elo schonn d'Positioun vun der Regierung? Wat fir e politesche Stellewäert huet dat doten Dokument? Wat fir eng Consultatioune ginn nach am Zesummenhang mat där doter Planung gemaach? Wéi gesäit et mam TICE aus? Mir gesinn eis als TICE als Uspriechpartner fir d'Verkéierssituatioun am Süden. Wat fir eng Roll, am Zesummenhang mat der Rekonversioun vun de Broochen, géing de Minister dem TICE an där doter Fro zougestoen? Dat sinn alles Elementer a Froen op déi et interessant wär hei Äntwerten ze kréien.

Dann, Här President, wollt ech niewent deenen Infrastrukturen, déi ech elo alleguerten ugeschwat hunn, nach e puer Wuert zu der Software vum öffentlechen Transport soen, eng Software déi noutwendeg ass an eng Viraussetzung ass fir eng ëmweltschounend Mobilitéit ze garantéieren. A wann ech vu Software schwätzen, da mengen ech domadder eng Mobilitéitszentral an de Verkéiersverbond.

Mä och vun deenen doten zwee Punkten, déi an der Regierungserklärung stoungen, ass keng Spur. Et héiert een näischt méi iwwert d'Mobilitéitszentral an iwwert de Verkéiersverbond. Vertrieder vum Ministère hunn an der Zäit mol behaapt, dass een d'Mobilitéitszentral ouni Problem virum Verkéiersverbond kéint realiséieren, et ass awer bis haut nach näischt geschitt. D'Aufgabe vun esou enger Mobilitéitszentral si schonn x-mol diskutéiert ginn, et brauch een net méi am Detail drop anzegoen. Ulafstell an Informatioun fir interesséiert Bierger, Berodung bei Projeten, Berodung bei $CO_2$-relevanten Ëmstellungen, alles dat sinn Elementer déi et gëtt, wou een net d'Rad nei brauch ze erfannen.

Sécherlech gëtt et méi problematesch bei der Organisatioun an der Opstellung vun engem Verkéiersverbond, dat ass eng Diskussioun déi méi delikat a méi komplizéiert ass, dofir awer net manner wichteg. Et muss een do mat alle Partner, den Transportträger, der CFL, der AVL, dem TICE zesummen diskutéieren an och mat de Gemengen. Do gëtt et eng ganz Rei vun elementare Froen déi do musse behandelt ginn, d'Planung vun den Ugebueter, d'Koordinatioun téschent dem Ugebuet a schlussendlech d'Finanzéierung vun deem Transportugebuet, eng Finanzéierung déi bis elo leedeglech vun deenen néng syndikéierten TICE-Gemengen an der Stad Lëtzebuerg duerch d'AVL garantéiert gëtt, Öffentlechkeetsaarbecht an däers Ähnleche méi. Ech wollt och hei froen, wou déi zwee Projete vun der Mobilitéitszentral an dem Verkéiersverbond dru sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir brauchen hei am Land keng dräi verschidde Konzepter fir d'Verkéiers- an d'Landesplanung ze maachen. Mir brauchen net een eenzelt fir d'Siedlungsentwécklung. Mir brauchen net en eenzelt fir d'Strooss an och net en eenzelt fir d'Schinn. Mir brauchen e koháerent Konzept fir dat ganzt Land a speziell fir de Süde gestaffelt no ganz klore Prioritéiten. Eng vun deenen dote Prioritéite muss ganz kloer den öffentlechen Transport duerstellen.

Ech stelle fest an ech sinn der Iwwerzeegung, dass déi allermeeschten Elementer, déi ech hei an der Interpellatioun virbruecht hunn, Bestanddeel vun esou engem Plan sectoriel Süde kënne sinn. Ech wollt hei d'Regierung froe wéi deen aktuelle Stand vun dem Plan sectoriel ausgesäit a wéi den Zäitplang ausgesäit.

Ofschléissend sinn ech der Iwwerzeegung, dass am Beräich Mobilitéit, e Beräich mat deem d'Leit all Dag konfrontéiert sinn, festgestallt gëtt, dass d'Problemer op der Strooss all Dag méi grouss ginn, dass en effizienten öffentlechen Transport an e Gesamtkonzept fir Strooss a Schinn gebraucht gëtt, an dass een eng Regierung brauch, déi e bësse politesche Courage huet fir déi doten Défien unzegoen. Dës Regierung huet, menger Aschätzung no, näischt dovunner.

Haut, 15 Méint virun de Wahlen, gesäit de Bilan fir de Süden a fir d'Land ganz moer aus. Dës Regierung ass d'Regierung vun de schéine faarwege Broschüren. Ausser e puer neien RGTR-Linnen ass net vill geschitt. Et läit deen een oder deen anere Projet iwwert de Bau vun Eisebunnsinfrastrukture vir a bis zu de Wahle wäert kee vun deene Projeten och nëmmen ugefaange ginn, geschweigs dann nach realiséiert ginn, vläicht d'Verlängerung vun Diddeleng op Volmerange 200 Meter Gleis. Et ass och kee Léisungsusaz fir d'Verkéiersproblemer am Süden oder am Land ze erkennen. Dës Regierung wäert et och net fäerdeg brénge bis zum Wahldag de Modalsplit och nëmmen ëm 1% zu Gonschte vum öffentlechen Transport an d'Luucht ze setzen. Dës Regierung huet, eiser Aschätzung no, bis elo déi falsch Prioritéite gesat an net deen noutwennege Courage gehat fir déi richteg Projeten an d'Wee ze leeden.

Wann also am Beräich Landesplanung an domadder am Beräich vum Plan sectoriel Süde wierklech innovativ soll geschafft ginn, da mussen d'Prioritéiten anerer ginn, den Dialog gefleegt ginn, well soss e Konsens net méiglech ass, wat eigentlech schued wier.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Norbert Haupert agedroen. Den Här Haupert huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ouni Mobilitéit an ouni Zougang zum Transport sinn d'Méiglechkeete fir eng Aarbecht ze fannen, fir eng Schoul ze besichen, fir en onofhängegt Liewen ze féieren a sech um soziale Liewen ze bedeelegen, hautzedags ganz staark reduzéiert.

Säit jeher hu grouss Stied a räich Regiounen sech ëm staark Verkéiersachsen entwéckelt. Déi wirtschaftlech, sozial, kulturell a politesch Entwécklung vun engem Land, enger Regioun oder enger Stad hänken och gréisstendeels vun der Qualitéit vun hire Verkéiersinfrastrukturen of. Dëst ass ëmsou méi wouer an der heiteger Zäit vun enger Internationaliséierung vun de Relatiounen, wou einfach a schnell Verbindungen tëschent Stied a Regioune musse kënnen hiergestallt gi fir am internationale Geschehen eng Roll kënnen ze spillen.

Dofir kann och d'Verkéierskonzept vun eisem Land sech net eleng op den interne Verkéier beschränken, mä et muss éischtens vill méi am Kader vun enger europäescher Dimensioun gesi ginn, déi e performante Flughafen a gutt Flugverbindungen zu deenen aneren europäeschen Haaptstied esou wéi gutt Ubannunge vun eisem Stroossen- an Eisebunnsnetz un dat europäescht Autobunns- an TGV-Netz viraussetzt.

Zweetens muss d'Verkéierskonzept am Kader vun enger regionaler Dimensioun gesi ginn, dat eng speziell Berücksichtigung vum Pendelverkéier vun de Frontaliere verlaangt, an drëttens vun enger nationaler Dimensioun no der Devise „manner, besser an iwwerall zirkuléieren" erschafft ginn.

Här President, am Ufank vum leschte Jorhonnert huet d'Entwécklung vun eisem Land a besonnesch vum Süden sech ëm an duerch d'Stolindustrie gemaach. Stied wéi Esch, Diddeleng, Déifferdeng, Schëffleng, Rodange, Rëmeleng a Bieles hu sech ëm d'Schmelzen an anerer wéi Beetebuerg a Péiteng ëm d'Eisebunnszentren entwéckelt. Déi meescht vun hiren Awunner hunn op de Schmelzen, an de Minièren an op der Eisebunn geschafft. De lokale Commerce war gutt développéiert, esou dass déi meeschten Akeef fir de Stot op der Plaz ouni gréisser Déplacementer gemaach konnte ginn.

Dës Uertschafte waren iwwert d'Eisebunn mat der Stad Lëtzebuerg verbonnen an donieft huet och nach tëschent den Industrieuertschaften e performanten Tram fonctionnéiert.

***(Interruption)***

Jo, déi sinn awer eriwwer.

Nach virun 30 Joer hunn no bäi 24.000 Leit op eise Schmelzen an an eise Minièrë geschafft. Haut sinn et der nëmme méi eppes Klenges iwwer 3.000. Souzesoen all déi Leit hu sech zu Fouss, mam Vëlo oder och nach mam öffentlechen Transport op hir Aarbecht déplacéiert. Mat der Stolkrisis an dem Ofbau vun den Aarbechtsplazen an deem Secteur hunn nei Industrië sech am Süden néiergelooss, an dat net ëmmer op Plazen déi eng direkt Verbindung mam öffentlechen Transport haten.

D'Finanzplaz Lëtzebuerg huet hiren Opschwong erlieft a méi Leit wéi virdru sinn an d'Stad schaffe gaangen. D'Leit sinn ëmmer méi aus de Stied eraus a vun hiren Aarbechtsplazen ewech op d'Land wunne gaang, a wa mer 1960 nëmmen 32.000 Leit haten, déi ausserhalb vun hirer Wunngemeng schaffe gaang sinn, da waren dat der 1990 schonn 92.000, an haut dierften et der wäit iwwer 100.000 sinn.

Mat dem Opschwong vun eiser Wirtschaft ass eis Populatioun méi schnell gewuess a well eisen internen Aarbechtsmaart net all déi Aarbechtskräfte konnt liwweren, déi eis Betriber gebraucht hunn, huet d'Zuel vun de Grenzgänger sech drastesch vergréissert.

An deene leschten 20 Joer ass d'Zuel vun de Frontaliere vun eppes Klenges méi wéi 10.000 Leit op iwwer 100.000 gewuess. Iwwert d'Halschent kënnt aus Frankräich an en anere Véirel aus der Belsch. Déi kommen also iwwert de Süden

an eist Land era schaffen. Nëmme 6% vun de Frontalieren insgesamt an 8% vun deenen aus Lothringen benotzen den öffentlechen Transport fir op hir Aarbecht ze kommen.

Mat dem wirtschaftlechen Opschwong an där doraus entstaner Verbesserung vun eisem Wuelstand huet dem Privatauto seng Glanzzäit ugefaang. An deene leschten 30 Joer huet d'Zuel vun de private motoriséierte Gefierer sech bei eis am Land méi wéi verdräifacht a mat 614 Autoen op 1.000 Awunner steet Lëtzebuerg wäit un der Spëtzt vun de Länner vun der Europäescher Unioun.

Här President, all déi Entwécklungen hu mat sech bruecht, datt déi wichtegst Funktioune vun eiser Populatioun wéi wunnen, schaffen, akafen, an d'Schoul goen an entspanen ëmmer méi ausernee gedriwwe sinn. Doduerch muss sech ëmmer méi déplacéiert ginn an déi meescht Déplacementer gi mam Privatauto zréckgeluecht. Dat ass en allgemengen Trend, well tëschent 1970 an 1997 ass d'Mobilitéit an Europa vu 17 Kilometer op 35 Kilometer erop gaangen a 70% vun de Persounentransporter geschéien iwwert d'Strooss.

Eise Stroosseverkéier, wéi iwwregens och eisen Eisebunnverkéier, besonnesch wat de Wuerentransport ubelaangt, si staark vum Transittransport belaascht. Den Transitverkéier vum Wuerentransport op eise Schinne stellt 50% vum internationale Wuerentransport vun der Eisebunn duer an huet sech an deene leschten zéng Joer praktesch verduebelt. Déi europäesch Ministeschkonferenz vun den Transportministeren huet e Pronostic opgestallt no deem den internationale Wuerentransport bis d'Joer 2015 wäert doubléieren, an de Gros dovunner wäert iwwert d'Strooss geschéien.

An engem Bericht vum Conseil de l'Europe gëtt kritisiéert, datt d'Eisebunn de Fret an engem Schleekentempo transportéiere géif an engem Schnëtt vun 18 Kilometer an der Stonn. Dat wier eng Ursaach firwat nëmme 14% vum Wuerentransport a Westeuropa iwwert d'Schinn geschéien. An Zentral- an an Ost-Europa sinn dat haut ëmmerhin nach 41%, obschonns deen Undeel an deene leschten zéng Joer op d'Halschent erof gaangen ass.

Fir de Conseil de l'Europe ass d'Ouverture vun dem Schinnentransport fir d'Konkurrenz deen eenzege konkrete Wee, fir datt d'Eisebunn erëm en Deel vum Marché vum Wuerentransport vun der Strooss zréckgewënnt. Eis Regierung muss also dem Transittransport an hiren Iwwerleeungen zum Verkéierskonzept Rechnung droen a sech op internationalem Plang fir eng Verlagerung vum Wuerentransport vun der Strooss op d'Schinn asetzen.

Trotz dem massiven Zouwuess vum Verkéier hunn eis Infrastrukture sech an deene leschte Jore kaum verännert. Eist Stroossennetz ass vun 1970 op haut ëm 32 Kilometer, also ëm 1,1% verlängert ginn. Och eist Eisebunnsnetz huet sech net vergréissert an d'Strecken, déi mat den CFL-Busse gefuer ginn, sinn an deene leschte Joren och net erweidert ginn. Nëmmen d'Buslinnen, déi vu Privatfirmen an Optrag vun eisem Stat bedéngt ginn, sinn a leschter Zäit wesentlech ausgedehnt ginn.

De Fuhrpark vun der CFL huet sech och net spierbar vergréissert an ass haut méi wéi jee staark iwwerhuelbedürfteg. De Persounentransport bei der Eisebunn ass an deene leschten 20 Joer vu 14 Milliounen op knapp 13 Milliounen erofgaangen. Erfreelech ass awer, dass en tëschent 1996 an 2000 ëm 16,7% an d'Luucht gaangen ass. An därselwechter Zäit, dat heescht an deene leschten 20 Joer, ass de Persounentransport vun de Busse vun der Stad Lëtzebuerg vun 17,2 Milliounen op 24,4 Milliounen, also iwwer 40% gestiegen, nodeems en 1990 op 12,5 Millioune gefall war. Deemools huet de Willy Bourg, als zoustännege Schäffe vun der Stad Lëtzebuerg fir de Busverkéier, de Service nom Motto „am Takt fueren" - regelméisseg, séier, pünktlech a komfortabel fueren - reorganiséiert. Dës Reorganisatioun hat zur Konsequenz, dass am Laf vu véier Joer d'Zuel vun den transportéierte Persoune vun 12,5 Milliounen op 21,6 Milliounen, also ëm 75% geklomm ass, obschonns d'Zuel vun de Kilometeren, déi gefuer goufen, nëmmen ëm knapp 40% an d'Luucht goung.

De Persounentransport vum TICE ass an deene leschten 20 Joer vu 7,3 Milliounen op 6,3 Milliounen, dat heescht ëm 13,7% zréckgaangen. Ufanks den 90er Jore war en op 4 Millioune gefall, esou dass mer an deene leschte Joren eng Progressioun vu méi wéi 57% verzeechnen.

Dat alles erëm bedingt, dass besonnesch an de Spëtzestonnen, dat heescht moies tëschent siwen an halwer néng an owens tëschent fënnef a sechs d'Kapassitéit vun eiser Eisebunn un hir Grenze stéisst an de Stroosseverkéier all Moment riskéiert e Kollaps ze kréien. Et ginn einfach ze vill Trajeten am Dag zréckgeluecht, an déi meescht vun den Déplacementer ginn och nach mam Privatauto gemaach.

Här President, dat waren där Zuelen e bësse vill, awer ech wollt mat der Beschreiwung vun der Entwécklung vun eiser Gesellschaft erklären, dass de Problem vum Verkéier net e Problem ass, deen eleng den zoustännege Minister fir den Transport oder de Stroossebau ugeet, et ass och e Problem vun de Betriber déi sech do établéiert hunn, wou si déi bescht Expansiounsméiglechkeete gesinn hunn, ouni de Problem vum Transport vun hirem Personal a vun hire Cliente besonnesch ze berücksichtegen. Et ass och nach e Problem vun de Gemengen, déi d'Implantatioun vun deene Betriber autoriséiert hunn, wou vill Gemenge bis viru kuerzem nach kee kohärente Bebauungsplang haten. Et ass awer och a virun allem e Problem vun eis all, déi aus iwwerdriwwener Bequemlechkeet fir all klengen Déplacement menge missen den Auto ze huelen.

Et ass also e Problem vun horizontaler Zoustännegkeet tëschent verschiddene Ministèren, e Problem vu vertikaler Zoustännegkeet tëschent Regierung, Gemengen a Privatbauhären, a besonnesch e Mentalitéitsproblem, deen eis all betrëfft. Dofir muss een, fir de Problem an de Grëff ze kréien, an enger concertéierter Zesummenaarbecht tëschent Transport-, Bauten-, Wirtschafts-, Wunnengsbau-, Unterrichts-, Innen-, Ëmwelt- a Landesplanungsministère zesumme mat de Gemengen de Problem ugoen a besonnesch och op d'Gewunnechte vun de Leit awierken.

Et muss virun allem versicht ginn, op déi grouss Zuel vun Déplacementer anzewierken, an en Deel vun hinne vum individual op den öffentlechen Transport ze verleeën. Heibäi däerf een net aus den Ae verléieren, dass fir de Lëtzebuerger d'Mobilitéit e Stéck Liewensqualitéit bedeit an dass d'Mobilitéit dofir op de Schwéierpunkte Flexibilitéit, Vitesse, Confort a Sécherheet tabléiert. Op deene véier Pläng muss den öffentlechen Transport seng Akzenter setzen, wann e méi Leit fir seng Servicer gewanne wëll. D'Reorganisatioun vum Busverkéier vun der Stad Lëtzebuerg, déi de Willy Bourg duerchgefouert huet, huet dat erwisen.

Här President, fir de Problem vum Transport an de Grëff ze kréien, muss gesuergt ginn:

- Dass d'Aarbecht an d'Wunnen erëm méi no zesumme wuessen, andeems een nei Aarbechtsplazen do schaaft wou méiglechst vill Leit wunnen, oder nei Wunnengen do baut wou d'Aarbechtsplazen ugebuede ginn.

- Nei Lycéeën esou gebaut ginn, dass de Verkéier a Richtung Stad Lëtzebuerg entlaascht ka ginn.

- D'Uertschaften erëm esou ausgeriicht ginn, dass se de soziale Funktioune vun de Stéit Rechnung droen, esou dass d'Leit net fir all kleng Kommissioun oder Déngschtleeschtung an d'Grande Surface musse fueren.

- D'Administratiounen erëm méi dezentraliséiert ginn, fir Aarbechtsplazen aus der Haaptstad an d'Regioun eraus ze délocaliséieren, fir de Leit vum Land de Wee an d'Stad ze erspueren, wa se eng Verwaltung mussen opsiche goen.

- D'Parkinge méi no bei de Garen aménagéiert ginn, an dat esou no wéi méiglech bei de Leit hire Wunngemengen, fir dass méi Leit den öffentlechen Transport benotze fir op hir Aarbecht ze kommen.

- E System vu Parkingspunkten aféieren, fir deene Leit, déi op déi Parkinge fuere fir den öffentlechen Transport ze benotzen, eng Plaz an d'Gratuitéit ze assuréieren.

- Méi Busspuren ugeluecht ginn, fir dass ee sech, besonnesch an de Spëtzestonnen, mam Bus méi séier oder wéinstens grad esou séier wéi mam Privatauto déplacéiere kann.

- Den öffentlechen Transport méi attraktiv gestallt gëtt, andeems seng Horairen, seng Servicer a besonnesch d'Qualitéit vu sengem Fuhrpark verbessert ginn.

- Een dissuasiv Mesurë fir den Individualverkéier aféiert, andeems ee méi eng restriktiv Gestioun vun de Parkplazen an den Uertschaften applizéiert.

- Den Zougang zum öffentlechen Transport, wann nëmme méiglech, vun allen Uertschaften, besonnesch am ländleche Raum, ausgebaut a verbessert gëtt.

- Aner Iwwerleeunge iwwer en Décalage vun den Aarbechtszäiten an de Carsharing kéinten och gefréiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir de Problem enger kohärenter Léisung zouzeféieren, huet d'Regierung gläich no hirer Zesummesetzung am Joer 1999 den zoustännege Minister fir den Aménagement du territoire, de Michel Wolter, beoptraagt, mat de Ministeren Erna Hennicot-Schoepges, Henri Grethen, Fernand Boden, Anne Brasseur a Charles Goerens zesummen e Strategiepabeier opzestellen. Eng Etüd iwwert en integréiert Verkéiers- a Landesentwécklungskonzept, kuerz IVL genannt, ass an Optrag ginn an déi zoustänneg Ministere sinn opgefuerdert sektoriell Enwécklungspläng opzestellen.

Den Här Grethen huet säi Strategiepabeier zum Aspekt Schinneverkéier a Mobilitéit.lu d'lescht Fréijoer scho virgestallt. Déiselwecht Zäit hunn déi dräi Ministeren Hennicot, Grethen a Wolter en Tëschebericht iwwer e Globalkonzept zu Mobilitéit.lu presentéiert, an de leschte Januar huet dee mat der IVL beoptraagten Aarbechtsgrupp vun der Uni Karlsruhe en Tëschebericht vun hiren Aarbechte virgeluecht.

Här President, ee vun den Haaptverkéiersproblemer stellt sech am Süde vun eisem Land, haaptsächlech am Bassin minier. Hei stellt d'Rekonversioun vun den Industriebroochen eng eemoleg Geleeënheet duer, net nëmme fir d'Entwécklung vum Minett ze relancéieren, mä fir der Politik vun der konzentréierter Dezentraliséierung vun eisem Land, déi eng grouss Prioritéit vun eiser Regierung genéisst, eng éischt konkret Léisung zouzeféieren a fir nei Aktivitéiten an Aarbechtsplazen an de Süden ze transferéieren, an doduerch de Stroosseverkéier a Richtung Stad Lëtzebuerg ze entlaaschten.

Dofir muss den Ausbau vun dem öffentlechen Transport an eisem Land besonnesch der Rekonversioun vun den Industriebroochen an der staarker Proportioun vun de Frontalieren aus dem Lothringen Rechnung droen. De Kolleeg Fred Sunnen wäert a senger Interventioun méi am Detail op d'Problematik vun den Industriebroochen agoen. Dofir kann ech mech och mat e puer Iwwerleeungen iwwert d'Verkéiersproblemer vum Süde begnügen.

Wat d'Schwéierpunkten an d'Prioritéite vum Verkéierskonzept fir de Süden ubelaangt, esou solle se, menger Meenung no, éischtens op der Verlagerung vun engem Deel vum privaten Transport op dee méi ëmweltfrëndlechen öffentlechen Transport leien, zweetens op dem Ofbau vun de Geforenzone vun der Diddelenger Autobunn, drëttens op enger Entlaaschtung vum Duerchgangsverkéier an den Uertschaften, a véiertens op dem Ausbau vum Verdeeler Lankëltz.

Eng Verlagerung vum private Verkéier op den öffentlechen Transport kann nëmmen duerch een Ausbau vun der Offer vum öffentleche Verkéier geschéien. Well d'öffentlecht Verkéiersnetz awer an de Spëtzestonnen u seng Grenze stéisst, kann dëst nëmmen iwwert den Ausbau vum Eisebunnsnetz erreecht ginn. Hei ass jo eng zweet Linn tëschent Lëtzebuerg a Beetebuerg geplangt, esou wéi och eng zweet Linn tëschent Esch an der Haaptstad, déi d'Industriezone vu Féitz, vu Leideleng an der Cloche d'Or géing bedéngen an d'Uertschafte Monnerech, Steebrécken, Wickreng/Éileng a Leideleng un d'Eisebunnsnetz géing ubannen. Och eng zweet Spur op der Linn Péiteng-Lëtzebuerg ass geplangt, déi de Wuerentransport op der Streck Klengbetten-Lëtzebuerg kéint entlaaschten, wouduerch de Persounentransport op dëser Linn kéint ausgeweit ginn.

Et ass ëmsou méi wichteg, well, wéi et jo schéngt, eis belsch Nopere bereet wieren d'Streck Bréissel-Lëtzebuerg ze moderniséieren, wat eng Verbesserung vun dem Zuchverkéier an déi Richtung sécherlech géif mat sech bréngen a wat och zu enger Verbesserung vun der Verbindung Bréissel-Lëtzebuerg-Stroossbuerg kënnt en Ustouss ginn.

Déi Diddelenger Autobunn ass eng vun deene meescht befuerene Stroossen aus dem Land an hir Belaaschtung wäert mat der Fäerdegstellung vun der Saarautobunn nach zouhuelen. Souzesoen all Dag geschéien Accidenter op deem Autobunnstronçon, déi Leed an d'Familljen an Onkäschte fir d'Allgemengheet mat sech bréngen. Ob dëser Iwwerlaaschtung eleng mam Ausbau vum öffentlechen Transport kann opgehéiert ginn, soll sech aus der IVL-Studie erginn. Soll esou eng Entlaaschtung awer net méiglech sinn, da schéngt et mer wéi wann den Ausbau vun dëser Autobunn mat enger drëtter Spur onbedéngt noutwendeg wier, fir d'Sécherheet vun de Benotzer an Zukunft ze assuréieren.

***(Interruptions)***

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dann hu mer manner Verkéier an den Duerchgangsstroossen.

***(Interruption)***

M. Norbert Haupert *(CSV).*- Dës drëtt Spur misst awer an de Spëtzestonne fir de Busverkéier reservéiert bleiwen, eng Virschréft déi iwwert den CITA-System misst einfach ze géréiere sinn.

Ech weess, dass déi Léisung net iwwerall op Zoustëmmung stéisst, awer effikass Alternativléisunge leie jo och net op der Hand. Et sief dann d'Leit wiere bereet manner mam Privatauto ze fueren a méi oft den öffentlechen Transport an Usproch ze huelen. Awer dee Virschlag fënnt och bei de Leit vun de Biergerinitiative géint den Ausbau vun der A6 keng allze grouss Begeeschterung.

De Verdeeler Lankels stellt en Enkpass fir de flëssegen Oflaf vum Verkéier tëschent der Collectrice du Sud an der Escher Autobunn op der Héicht vu Lalleng duer. Hei staut et mueres praktesch bis op Käerjeng a vill Automobiliste verloossen d'Collectrice zu Suessem, fir iwwer Éilereng a Monnerech zu Féiz erëm op d'A4 erop ze fueren, dat zum Verdross vun den Awunner vun deene genannten Uertschaften. En Ausbau vum Verdeeler Lankels drängt sech hei bei der Ausschaffung vun engem Gesamtkonzept fir de Stroosseverkéier am Kader vun der Rekonversioun vun den Industriebroochen op. Dat géif och dee méi deiere Bypass, deen den Här Zanussi ernimmt huet, deen iwwer Monnerech géing féieren an deen ëmmer erëm an d'Gespréich bruecht gëtt, wou awer nach kee Projet virläit an dee jo doduerch, datt en e Quartier vum Rescht vun der Uertschaft géif komplett ofschneiden, staark kontestéiert ass. E géing also dee Bypass iwwerflësseg maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn eis bewosst, datt fir d'Verkéiersproblemer bei eis am Land eng urgent awer kohärent Léisung fonnt muss ginn, an dat mat Rücksicht op d'Liewensqualitéit vun all eise Bierger an am Respekt vun eiser Ëmwelt, awer och am Interesse vun eiser Wirtschaft an am Respekt vun eise Missiounen am Kader vun eise Verflichtungen an der Europäescher Unioun.

Mir sinn zouversichtlech, datt eis Regierung an Zesummenaarbecht mat eise Gemengen a mat Rücksicht op d'Wënsch vun der Majoritéit vun de Leit e kohärent Konzept wäert fannen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Mosar huet d'Wuert gefrot fir den Dépôt vun enger Proposition de loi. Den Här Mosar huet d'Wuert.

## 3. Dépôt d'une proposition de loi

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, ech wollt d'Wuert froe fir Akt ze kréie vum Dépôt vun enger Proposition de loi iwwert d'Virnimm vun de Kanner.

*- Proposition de loi 5106 relative aux prénoms des enfants.*

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi a si gëtt weidergereecht un de Statsrot an un déi zoustänneg Kommissioun.

Mir fueren dann elo weider mat eiser Diskussioun. Als nächste Redner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

## 4. Interpellation de M. Marc Zanussi sur l'élaboration d'un plan sectoriel Transport pour le Bassin minier (suite)

***Discussion générale (suite)***

M. Schummer John *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et mierkt een datt d'sozialistesch Aarbechterpartei nervös ass a fäert den nächsten Zuch an d'Regierung, deen 2004 fortfiert, erëm eng Kéier ze verpassen. Esou gëtt scho bal mat Verzweifelung no all Stréihallem gegraff, dee verspréicht hinnen en neie Profil ze ginn, e Profil als verantwortungsvoll Partei mat Visiounen an Alternativen, wéi ee Lëtzebuerg op d'Erausfuerderunge vu muer virbereede kënnt. Et muss een awer soen, datt se nach ganz wäit ewech si vun esou engem Profil.

Visiounen hu se esougutt wéi guer keng oder et sinn der, déi se doheem um Späicher aus der Mot-

tekëscht erëm ervir gekroomt hunn. Si kräischen nach ëmmer hirem BTB no. A 15 Joer laang onënnerbrach hat d'LSAP den Transportministère an et ass glat a guer näischt geschitt. Et ass dach franchement onéierlech de Leit hei wëlle virzegaukelen, datt de jëtzegen Transportminister, esou wéi en Zauberer eng Kanéngchen aus dem Zylinder zitt, an dräi an en halleft Joer alles dat misst ophuelen, wat déi aner 15 Joer laang versäumt hunn. Kuckt Iech dach emol an de Spigel!

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Am Beräich vun der Transportpolitik lafen d'Sozialiste kloer dem Zuch hannendrun, engem Zuch dee scho laang fortgefuer ass, well säit dräi an engem hallwe Joer fiert den Zuch erëm, nodeem e 15 Joer an der Gare feststong.

Mat dëser Interpellatioun interpelléiert den honorabelen Deputéierte Marc Zanussi den Transportminister iwwert de Plan sectoriel Transport an doriwwer wéi d'Organisatioun vum öffentlechen Transport am Süde vun eisem Land soll ausgesinn an ugepaakt ginn.

Des Weidere gëtt an der Demande vun der Interpellatioun de Konzept vum Transport intégré ugeschnidden. Et gëtt sech besuergt gewisen ëm d'Compatibilitéit vun engem regionalen Transportkonzept mat dem nationale Konzept an d'Ubanne vu Lëtzebuerg un d'Réseaux internationaux. Da gëtt sech och d'Fro gestallt iwwert d'Opportunitéit vun der Erschléissung vum Süden un e regionalen Tramsystem, a last but not least gëtt och nach de Sujet vun der Strategie vun der CFL ugeschnidden.

Datt Pläng, Konzepter a Projet-deloie scho längstens um Dësch leien, schéngt de Sozialisten entgaangen ze sinn. Datt d'Regierung scho laang erkannt huet, datt et absolut noutwendeg ass den öffentlechen Transport massif auszebauen, schéngt hinnen och nach net opgefall ze sinn.

Mobilitéit.lu an IVL, a mäi Virriedner Norbert Haupert huet dat schonn ugesprach, si Konzepter déi an der Transportpolitik Lëtzebuerg virbereeden, fir datt mer an 10, 20 Joer iwwer e qualitéitsorientéierten, performanten a sécheren öffentlechen Transport verfügen.

Datt d'Moderniséieren, den Ausbau, méi Qualitéit, méi Confort, méi Sécherheet an och méi Pünktlechkeet vum öffentleche Verkéier mat grousse Käschte verbonnen ass ass gewosst, an et kann een nëmme begréissen datt dës Regierung a virun allem hiren Transportminister weder Méi nach Käschte scheie fir den Défi vun enger nohalteger Transportpolitik opzegräifen an a laangfristeg ugeluechte Konzepter a konkret Projeten ëmzesetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll direkt am Ufank vu menger Interventioun ervirhiewen, datt déi enorm Ustrengunge sech awer net eleng op den öffentlechen Transportréseau innerhalb vum Land limitéiere wäerten, mä sech och ausserhalb vun de Grenze wäerte fortsetzen. Effektiv musse mer och Wäert leeën op d'Ubanne vun de Grenzraim vun der Groussregioun a vu Lëtzebuerg un déi europäesch Transportréseauen. Ech weisen hei op den Uschloss vun dem TGV-Est hin, wou den Transportminister en entspriechende Projet de loi deponéiert huet a wou och elo den Avis vum Conseil d'Etat virläit, esou datt mer dëse Projet geschwë wäerten hei am Haus stëmme kënnen.

An deemselwechten Zesummenhank encouragéieren ech den Transportminister a sengem Projet, zesumme mat der Belsch a mat der Ënnerstëtzung vu Frankräich, säi Méiglechst ze maache fir d'Eisebunnsrelatiounen tëschent Bréissel-Lëtzebuerg a Stroossbuerg mat Hëllef vun eisen Nopere an der Kommissioun vu Bréissel ze verbesseren.

Virun engem Joer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, huet d'Regierung d'Elaboratioun vun engem interaktive Verkéiers- a Landesentwécklungskonzept IVL décidéiert. Op Basis vun den Aarbechte vum interministerielle Groupe de travail Mobilité, wou Vertrieder vum Transport-, Bauten- Innen- an Ëmweltministère zesumme koumen, ass e Bureau d'études chargéiert ginn e Konzept vun engem IVL konkret auszeaarbechten.

An enger globaler, kohärenter an integréierter Approche ginn hei d'Weiche gestallt fir déi zukünfteg Entwécklung vun eisem Land. Dat Konzept vum IVL berout op enger interdisziplinarer Approche, wou d'Transportinfrastrukture considéréiert ginn als „élements structurants pour le développement rural et urbain". Dës Approche bedéngt, datt parallell Szenarien entwéckelt gi vum Développement rural et urbain an Szenarien iwwert den Entwécklungsspillraum vum Transport.

Et gëtt dofir gekuckt, wou Raim mat gréisstem Entwécklungspotenzial bestinn, ënner Berücksichtigung vun de Kritären, vun de bestehenden Transportinfrastrukturen, selbstverständlech, a lafende Projete vum Aménagement du Territoire, vum Ëmweltschutz, der Bevölkerungsentwécklung a selbstverständlech och vun der wirtschaftlecher Entwécklung hei am Land.

Als ee vun dësen Espacë mat groussem Entwécklungspotenzial sinn am Süde vum Land genee d'Friches industrielles identifizéiert ginn. Parallell zur Elaboratioun vum IVL lafen d'Aarbechten op Basis vum Gesetz vum 21. Mee 1999 iwwert den Aménagement du Territoire Plans sectoriels auszeschaffen an ze finaliséieren.

De Plan directeur de l'Aménagement du Territoire ass iwwregens de 27. Februar vum Conseil de Gouvernement décidéiert ginn.

D'Koordinatioun ass assuréiert vum Innenministère, während d'Opstelle vun de Plans sectoriels ënnert d'Egide vun deene concernéierte Ministèrë gestallt gouf.

Esou gëtt da fir de Moment intensiv um Plan sectoriel Transport geschafft, wou eng kohärent Planificatioun vum Transport op nationalem Niveau an um Niveau vun der Groussregioun konkretiséiert gëtt.

D'Viraussetzung vun dëser Aarbecht sinn allerdéngs Préablen a Rahmebedéngungen, déi heizou bestallt ginn. D'Entwécklung vun der Regioun Süden a virun allem am Beräich vun der Rekonversioun vun de Friches industrielles op Belval huet an dësem dueble Kontext eng ganz grouss Prioritéit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech deelen net déi Befierchtungen, déi vun eenzelne besuergte Bierger an Associatioune formuléiert ginn, datt mir géifen tatenlos nokucke wéi de Verkéier zu Lëtzebuerg an engem Kollaps géif endegen, an ech deele schonns iwwerhaapt net d'Angscht an de Reproche vun der LSAP, datt mir géinge poulriicht an de Stau kommen.

Bien au contraire, d'Iddie leie konkret um Dësch fir datt mir endlech aus deem Stau eraus kommen, wouranner d'Sozialisten eis duerch hir jorelaang Konzeptlosegkeet era manövréiert hunn. Ech wëll net verkennen, datt och bei hinnen eng Rei wäertvoll Initiativen am Beräich vum Stroossebau a vum Ausbau vun de Buslinne geholl gi sinn. Et bleift awer, datt déi viregt Regierung sech an eng onsäglech a steril Diskussioun iwwert de pour an de contre vun enger Tramsverbindung matzen duerch d'Stad verwéckele gelooss huet an doropper vergiess huet, nëtzlech, jo noutwendeg, aner Projete virun ze dreiwen.

***(Interruptions)***

A säit 1999 geet et ënner anerem drëm fir d'Retarde vun dëse Joren erëm ofzebauen. E Konzept war net do. Et goufe weder Visiounen, nach kloer Objektiver fir eng mëttel- a laangfristeg Politik.

***(Interruption)***

Jo, déi fréier Transportministeren - ech schwätze vun deene sozialisteschen Transportministeren - hu sech souguer dra versteigert eng Aart Stand-Still ze dekretéieren am Beräich vum Ausbau vun de Buslinnen, ier d'Resultater vun där sozio-ekonomescher Etüd iwwert de BTB géife virleien. D'Eisebunn hat déi Pläng, fir längst iwwerfälleg Remplacementer beim Matériel roulant virzehuelen an nach zousätzlecht Material ze bestellen, och op Äis geluecht. E Cahier de charge fir d'Tramen ze bestelle gouf et net, d'Projete fir noutwendeg Infrastrukturen am Beräich vum Entretien an zumol en neie Centre de maintenance louchen am Dornröschenschlaf. Ech kéint de Sënneregëster vun den LSAP-Transportministeren nach laang viru féieren.

***(Interruption)***

Ech mengen awer et wier wichteg zesummen no vir ze kucken, an et wär flott wann och d'Kolleege vun der Oppositioun eng Kéier fair zougestoen, datt mer amgaange sinn an déi gutt Richtung ze goen, anstatt, wéi beispillsweis d'lescht Woch den ADR, ze versiche mat fadenscheinegen Argumenter bestehend Dossieren ze torpedéieren, ouni sech Rechenschaft driwwer ofzeleeë wat déi virgeschloen Alternativen ëm Méikäschte géife mat sech brëngen. Hir Alternativ ass éischter ee Bréif un de Kleeschen, wéi d'Kanner e schreiwen a wou duerno net méi vill dobäi eraus kënnt.

***(Interruptions diverses)***

Wéi gesäit dann elo de Konzept aus, deen an der Transportpolitik Lëtzebuerg fit maache wäert, fir d'Erausfuerderunge vu muer unzepaken. D'Strategie Mobilitéit.lu setzt hei déi richteg Jalonen an ech wëll mech, well den Interpellant sech heirobber limitéiert, haaptsächlech op d'Regioun Süde konzentréieren.

Den Dossier ass vum Transportminister am Januar d'lescht Joer presentéiert ginn. An den nächste Jore ginn dräi Milliarden Euro an den Ausbau vun der Eisebunnsinfrastruktur a vu Rullmaterial vun der CFL investéiert. Ech wëll betounen, datt esou een enormen Investitiounsprogramm nach ni virdru bestanen huet. Parallell gesäit de Budget vun 2003 eng Steigerung vun de Kreditter vum öffentlechen Transport vu 17% vir. Do kann dach kee mer soen dat wier näischt, an et ass absolut lächerlech wa behaapt gëtt, d'DP an dës Regierung géifen den öffentlechen Transport vernoléissegen.

Déi zur Verfügung stoend budgétaire Enveloppe an déi geplangten Investitioune sinn en éischt Resultat an dem Wëlle vun der Regierung eescht ze maachen am Beräich vun der Mobilitéit. Dat wat an der Stratetgie Mobilitéit.lu envisagéiert gëtt, ass e kohärente Bestanddeel vun dem Plan sectoriel Transports.

D'Objektiv wat den Transportminister sech gestallt huet, ass virum Landesniveau Modal split vum öffentleche Verkéier vu 25% am Joer 2020 ze erreechen. Mat Mobilitéit.lu wäert dëst ambitiéist Zil och erreecht ginn. Et ass also onsënneg Angscht ze maache mat Horrorszenarie vu Verkéiersstauen.

Wat gesäit Mobilitéit.lu zu deem Aspekt vum Schinneverkéier an der Regioun Süde vir? Ech wëll nëmme kuerz folgend Beispiller opgräifen. Éischtens, den Utilisateur soll souwäit wéi méiglech mam Zuch oder mam Tram an d'Stad gefouert ginn. Souwäit de Quartier net un d'Schinn ugebonnen ass, soll de Bus- an den Zuchverkéier besser openeen ofgestëmmt ginn. Déi véier nei Garen um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg, déi virgesi sinn, kréien hei eng wichteg Roll, genau sou wéi d'Park&Ride-Parkingen, déi an zwou Ceinturen, eng ronderëm d'Grenze mat der Belsch a mat der Lorraine an eng zweet Ceinture tëschent de Stied vum Süden an der Haaptstad, wäerten aménagéiert ginn.

Och de Projet, deen d'Ubanne vum Kierchbierg a vum Findel un d'Schinnennetz virgesäit, an deen den Henri Grethen elo am Januar virgestallt huet, ass d'Partie intégrante vun där Strategie. Vun 2006/2007 u wäert et méiglech si mam Tram vun der Gare Lëtzebuerg sou wéi vun Dummeldeng aus op de Kierchbierg ze fueren. Dobäi ass ze bemierken, datt een da mam Tram vill manner Zäit brauch fir op de Kierchbierg ze fuere wéi wann een déi beschte Busverbindungen duerch d'Stad benotze géif. Dat gouf jo kierzlech belobegend och vum President vum Landesverband ervirgehuewen.

Ech wëll awer dozou soen, datt en Tram mëtten duerch d'Stad genau déiselwecht Verkéiersproblemer géif begéine wéi haut de Bus, an datt d'Fahrzil iwwert deen Tracé duerch d'Stad doudsécher net kompetitiv wier zum direkten, vum jëtzegen Transportminister virgeschloenen Tracé. D'Tatsaach ass, datt vun deem Moment un, zum Beispill den Utilisateur, dee vu Wuermer oder vun Esch oder vu Péiteng den Zuch hëlt iwwert d'Gare Lëtzebuerg, direkt op de Kierchbierg kënnt, wou mer jo kloer gesinn datt ëmmer méi an ëmmer méi Aarbechtsplazen enstinn.

Zweetens, am Süde sinn enorm Investitiounen a Verbesserunge vun den Infrastructures ferroviaires geplangt, sou zum Beispill den Ausbau op zwee Gleiser vun der bestehender Eisebunnslinn Péiteng-Lëtzebuerg, d'Schafung vun neier Eisebunnsverbindung Esch/Uelzecht-Lëtzebuerg, eng Verdueblung vun der Linn Beetebuerg-Lëtzebuerg mam Schafe vun engem neien zweegleisegen Tracé laanscht d'Autobunn.

Drëttens, gläichzäiteg mat dem Ausbau vum Schinnennetz ginn d'Garë vun Esch/Uelzecht a vu Beetebuerg ëm- an ausgebaut. Déi nei Périphériegare um Houwald kënnt fir d'Beetebuerger Streck nach zousätzlech dobäi.

Véiertens, aner Moduler, déi zu engem spéideren Zäitpunkt sollen dëse gewaltegen Investitiounsprogramm ersetzen, si virun allem eng Tunnelverbindung vu Bieles-Mairie bis Uewerkuer, déi geplangten Erschléissung an Ubannung un den nationalen Eisebunnsréseaue vun der Friche Belval-Westen duerch eng Traminfrastruktur, déi iwwert Bieles eraus soll weider fueren.

Fënneftens, wat d'Erschléissung vun de Frichë fir den öffentleche Verkéier betrëfft, sou sinn hei déi definitiv Studien nach net ofgeschloss. Et ass awer gewosst, datt d'Friche Belval-West schematech esou gutt un den CFL wéi och un de Busréseau ugeschloss gëtt, am Rhythmus vun den Implantatioune vun deenen eenzelnen Entreprisen an aner Projeten, wéi zum Beispill Rockhal oder Dexia-BIL an esou weider, wéi déi sech do implantéiere wäerten.

Sechstens, da ginn och nach zwee P&R-Parkingen aménagéiert mat direktem Uschloss un den Eisebunnsréseau. Ee P&R-Parking am Süde vun der Friche, mat Verbindung un déi geplangte Stroosseverbindung op Micheville, an en zweete Parking zu Féiz, beim Autobunnskräiz Escher Autobunn a Collectrice du Sud. D'Studië fir dëse Projet sinn och hei am Lafen, woubäi de Prinzip schonn den 18. Juli 2001 presentéiert gi war an enger Pressekonferenz iwwert d'Cité des Sciences zu Belval-West.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Konzept vu Mobilitéit.lu wäert op e Maximum de Besoine vun den Utilisateuren entgéint kommen a vill Leit dozou beweegen, fir hire Privatauto stoen ze loossen an op den öffentlechen Transport ëmzeklammen. Dat Dokument, wat den Transportminister d'lescht Joer virgestallt huet, ass nëmmen en Deelaspekt vun der Gesamtstrategie vu Mobilitéit.lu. Effektiv, nieft dem Deelaspekt Schinneverkéier wäerten an deenen nächste Méint weider Deelaspekter vun der Gesamtstrategie Mobilitéit.lu presentéiert ginn, wéi zum Beispill d'Exploitatiounskonzept vum Zuch an deem geplangten Développement vun dem Busréseau.

Dir gesitt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Strategie vun der Mobilitéit.lu geet vill méi wäit wéi dat wat mer bis elo am Detail kennen. Si geet méi wäit wéi d'Virstellungskraaft vun de Sozialiste jeemools gaang ass. Dat ass relativ liicht, well an hire 15 Joer Transportministère waren éischter d'Luuchten aus.

***(Interruptions)***

Net méi spéit wéi den 18. Abrëll 2002, den 8. Oktober 2002 an den 11. Februar 2003 si vum Transportminister hei an der Chamber d'Projet-de-loien déposéiert ginn, dat ka jo schliesslech keen ignoréieren an och e Blanne weess dat, déi eng éischt konkret Suite si vum Konzept fir den Ausbau vun der Eisebunnsinfrastruktur. Et sinn dat Projeten iwwert d'Modificatioun vum Gesetz vum 24. Juli 2000, wouranner déi Investitiounsvirhabe ugepasst ginn, déi vum Fonds du Rail solle virgeholl ginn. Den Avis vum Conseil d'Etat vun zwee vun deenen dräi Projete läit vir, sou datt mer déi Projete geschwënn hei am Haus och wäerte stëmme kënnen.

***(Interruption)***

Ech wier awer net komplett, wann ech net och géif e puer Wierder iwwert den Uschloss vu Lëtzebuerg un déi grouss Réseaux transeuropéens géif verléieren. Deeselwechten 18. Abrëll 2002 huet den Transportminister e Projet de loi iwwert den Uschloss vu Lëtzebuerg un den TGV-Est déposéiert. Dee viraussichtleche Käschtepunkt vun der Lëtzebuerger Bedeelegung um TGV-Est, deen extrem wichteg fir eis d'Land ass, wäert no Aktualisatioun bei iwwert 120 Milliounen Euro leien. Wéi schonns virdu bemierkt, läit och hei den Avis vum Conseil d'Etat vir, sou datt mer och dee Projet zügeg kënne verabschieden.

Eng weider Prioritéit läit an der Verbesserung vun der Offer vum Transport public transfrontalier. Fir deen Transport transfrontalier läit hei am Moment de Modal split vir, bei 7 zu 93, wat extrem niddereg ass. Dëst weist, datt et an dësem Beräich nach vill Nachholbedarf gëtt, an och hei ass d'Regierung, mat vir un der Spëtzt den Transportminister, amgaange konsequent nei Initiativen ze huelen. Déi éischt Resultater sinn amgaange sech ze weisen.

Als éischt vu ville Beispiller vun deene geplangte Verbesserunge wëll ech just de Projet mentionnéieren dee virgesäit, dass a Richtung Frankräich d'Eisebunnsantenne Beetebuerg-Diddeleng bis op Wolmerange-les-Mines verlängert an och do en Opfangparking gebaut gëtt, fir datt déi Leit kënne gemütlech mam Zuch an d'Stad kommen.

Wann ech iwwert de Grenzverkéier schwätzen, dann denken ech un d'Dierfer aus de betraffene Regiounen, am Kontext vun dëser Interpellatioun un d'Grenzuertschafte mat der Lorraine an d'Autobunnen, déi dagdeeglech moies an nomëttes vum Beruffsverkéier schwéier belaascht ginn.

Eng konkret Ëmleeung vum Individualverkéier op den öffentlechen Transport duerch entspriechend Investitiounen an d'Infrastrukturen an an d'Opfänkparkingen op der

Grenz, souwéi d'Organisatioun vun neie grenziwwerschreidende Buslinnen, déi den Autoschauffeur incitéiere sollen op den Zuch oder de Bus ëmzeklammen, sinn hei e wichtegt Element, wann net eng vun den Haaptzilsetzunge vun der Gesamtstrategie „Mobilitéit.lu" fir déi nächst Joren.

Här President, als leschte Sujet huet den Interpellant nach d'Strategie vun der CFL ugeschnidden. An engem kompetitiven Ëmfeld, wou vu Bréissel aus d'Libéralisatioun vum Zuchverkéier, souwuel wat de Persounen- wéi och de Giddertransport betrëfft, als Zilsetzung virgi gëtt, ass et schwéier fir eng am internationale Vergläich kleng Gesellschaft wéi eis Eisebunn hir Maartnisch uerdentlech ze fannen.

En Eckpfeiler vun der zukünfteger Strategie vun der CFL ass den öffentleche Persounentransport iwwert d'Schinn. Hei si Sécherheet, Confort, Service a Pünktlechkeet gefrot. Dëst bedéngt den Asaz vu modernem Material wéi déi bestallten Duebelstackwaggonen, déi 2004 vum Fabrikant kënne geliwwert ginn. Dëst modernt Material soll op der Linn Lëtzebuerg-Beetebuerg-Diddenhuewen-Metz agesat gi fir d'Kapassitéit ze vergréisseren an de Frontalieren aus der Lorraine eng konkret a gutt Alternativ fir den Auto ubidden ze kënnen.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Wann am Kader vun der „Mobilitéit.lu" 400 Milliounen Euro sollen an d'Rullmaterial vun der CFL investéiert ginn, dann ass dëst sonder Zweifel de Beweis, datt mir dat néidegt Vertrauen an d'CFL hu fir déi zukünfteg Défie kënnen ze meeschteren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann den Interpellant haut de Moie wëlles hat fir der Regierung Konzeptlosegkeet a blann Manöveren an der Transportpolitik virzeweerfen an ze beweisen, da kann ech nëmme soen, dass hie mat dësem Versuch total entgleist ass.

***(Interruptions)***

Den Henri Grethen ass deen éischten Transportminister, deen zënter ville Joren erëm de Bau vun neien zousätzleche Schinnen hei am Land an Optrag ginn huet. Den Ausbau vun eisem Schinnennetz gëtt konsequent virugedriwwen a strooft all déi Ligener, déi nach ëmmer behaapten d'Regierung hätt kee Konzept a géif dem Verkéierskollaps ohnmächteg entgéint kucken.

An der Transportpolitik brauch een e Gesamtkonzept, wat Lëtzebuerg an enger nohalteger Approche konsequent op d'Zukunft virbereet. Mir brauchen e Konzept wou d'Problemer genee erkannt ginn a wou eng konkret Léisung gesicht gëtt. Mir brauchen e Konzept wou d'Problemer erkannt ginn a wou eng konkret Léisung am Kader vun engem laangfristege Konzept muss virgeschloe ginn. Esou e Konzept zeechent Léisunge vir, déi duerno um Terrain mussen ëmgesat ginn.

Wa mir haut zum Deel am Stau stinn, e Stau dee sech iwwert déi lescht 15 bis 20 Joer opgebaut huet, da musse mer Léisunge sichen, déi d'Problemer net nëmme vun haut, mä och vu muer léisen. D'Mobilitéit.lu an IVL vun dëser Regierung an en plus de Plan sectoriel Transports ginn dat Konzept of, dat mer brauchen. Et läit elo un eis fir dës Konzepter mat Liewen ze erfëllen, an ech sinn iwwerzeegt dass d'Regierung an den Transportminister ganz besonnesch, trotz schwéierer Aufgab, déi richteg Äntwerten amgaang ass virzeleeën.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

***(Brouhaha général)***

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Interpellatioun vum Kolleeg Zanussi gëtt ons haut d'Méiglechkeet fir méi spezifesch iwwert d'Verkéiersproblematik am Süden ze diskutéieren. Eng Problematik, déi praktesch all Mënsch direkt interesséiert.

Op wat ass déi Situatioun zréckzeféieren? Éischtens, mengen ech, geet se haaptsächlech op dee wirtschaftlechen Opschwonk zréck, deen eist Land an deene leschten 10 bis 15 Joer kannt huet, e massiivt Zouhuele vun Aarbechtsplazen am Zentrum an am Süde vum Land, well mer net méi genuch Aarbechtskräften am Land hunn an dofir hu missen op Frontalieren zréckgräifen an haut mat 100.000 Frontalieren e staarken Afloss op eis Verkéiersproblematik am Land hunn. Et sinn haaptsächlech Frontalieren, Fransousen a Belsch, déi a priori am Süden an eist Land era kommen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Zweetens e Manktum un öffentlechem Transport. D'Zuel vun den Autoen huet doropshi staark zougeholl, souwuel iwwert de Regionaltransport, de Beruffs- oder de Privatverkéier. Op den Autobunnen, déi mer vum Süden an den Zentrum hunn, hunn d'Autoe staark zougeholl. Si sinn iwwerfëllt an d'Autoe sinn dofir ausgeweecht op d'Nationalstroossen, op Schläichweeër, Niewestroossen, se fueren duerch d'Lotissementer a fueren haut souguer schonn iwwer Feldweeër fir hei an eist Land era schaffen ze kommen. D'Staue sinn an de Spëtzestonne moies an owes zur Regel ginn, ouni wëllen drop hinzeweise wat dat fir Konsequenze fir de Klimaschutz huet.

Drëttens huet d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi laanscht Nationalstroossen oder Lotissementer, Schläichweeër wunnen, vun den Urainer vun deene Stroossen, wou dausende vun Autoe sech duerchwenzelen, staark ofgeholl, net ze schwätze vun der Sécherheet fir déi Leit a fir déi Kanner, déi sech an deene Stroosse bewege mussen. Déi Problematik gëtt wuel vun Dag zu Dag méi grouss, méi staark, mä si ass net nei. Si ass iwwer Jore gewuess.

Duerfir hu mer als ADR am Süden 1991 e Grupp agesat, deen en Transportkonzept fir de Süden ausgeschafft huet, wat mer am Summer 1991 virgestallt hunn, a mer och duerfir eng spezial Ausgab vun eiser Zeitung am Süde verdeelt hu mat de Plangen an de Propositioune wéi mir eis dëst Transportkonzept fir de Süden virstellen.

D'Regierung hat bis dohinner kee Gesamtkonzept, weder déi viregt Regierungen, nach déi heiteg Regierung. Haut leie Projete vir iwwer „Mobilitéit.lu". Den Transportminister, dee mer haut hunn, huet véier Joer elo gebraucht fir déi Etüden ze maachen, fir se virzeleeën, a wa mer Chance hunn, da kréie mer nach am Kader vun dëser Legislaturperiod vläicht deen een oder anere Projet gestëmmt, awer ëmgesat gëtt e vun deene Regierungen dono, an da kann et sinn datt erëm nei politesch Iddien era kommen an datt erëm déi Projeten net ëmgesat ginn, déi elo gestëmmt ginn.

Et ass dat eent vun de grousse Problemer, déi mer hunn, virun allem bei dëser Regierung, déi net nëmmen an der Transportproblematik, mä a ville Politike sech virun allem doduerch ausgezeechent huet, datt se Etüde gemaach huet, datt mer hei an der Chamber iwwer Joren am Fong als Chamber der Regierung hir Aarbecht gemaach hunn, mä datt d'Chamber Dokumenter zu deene verschiddensten Themen opstellt, fir dann Débats d'orientation ze maachen, wat eng Regierung dann herno soll praktesch an der legislativer Prozedur ëmsetzen, allerdéngs zu engem Zäitraum wou da véier Joer erëm sinn a wou mer alleguer wëssen, datt an dësem Joer net méi vill wäert op deem Niveau geschéien. Dës Regierung huet sech also domat ausgezeechent Etüden an Débats d'orientation ze maachen.

Här President, mir stinn also ee Joer virun de Chamberwahlen an dofir gleewe mer och net méi, datt hei nach villes wäert geschéien. De Kolleeg Marc Zanussi huet scho mat Recht virdru gesot, datt d'Leit dobaussen am Land dat wäerte mierken, datt mer véier Joer elo studéiert hunn an elo kuerz virun de Wahlen Projete virleeën. De Kolleeg Zanussi weess vu wat hie schwätzt, well d'Leit haten och gemierkt, datt déi 15 Joer virdrun d'Sozialiste studéiert hunn an näischt gemaach hunn. D'Leit haten dat och gemierkt.

Mir sinn och frou datt mer eng Rei vun deene Propositiounen, déi mir als ADR gemaach hunn, an deene Projeten, déi d'Regierung elo virgeluecht huet, respektiv an hirem Mobilitéitskonzept, erëmfannen. Mir wëllen net soen, datt si se duerfir vun eis ofgeschriwwen hunn, well mir hu se och net all erfonnt. Et schwätzt een do mat Expären, an esou huet d'Regierung och mat Expäre geschwat, an dofir fënnt een eben elo eng Rei vun deenen Iddien an deene Konzepter erëm, wouriwwer mer frou sinn.

Mir wäerten, wa mer als Land an där doter Problematik net reagéieren, virun dem Verkéiersinfarkt an nächster Zäit stoen. Elo, wéi scho gesot, leeft a ville Gebitter hei am Land an de Spëtzestonnen näischt méi a wa mer déi nei Industrie- an Aktivitéitszone queesch duerch d'Land a virun allem am Süden - an ech denken do un d'Friches industrielles - bauen, da schafe mer do zousätzlech Aarbechtsplazen, mer kréien zousätzlech Frontalieren déi dohinner kommen, an do derniewent wäert d'Populatioun och zueleméisseg an d'Luucht goen, wat alles zesummen erëm nei Verkéiersproblemer mat sech bréngt. Duerfir si mer scho gutt berode wa mer no Weeër sichen, déi kuerzfristeg kënnen ëmgesat ginn, mä déi awer an e globaalt Konzept erapassen, en intelligent Aneneegräife vun deene verschiddenen Transportpolitiken, nämlech dem Individualverkéier, dem Verkéier mam Bus an op de Schinnen.

Mir als ADR schwätzen eis net nëmme fir den öffentlechen Transport aus, mä mir soen dass och den Individualverkéier seng Plaz an eisem politeschen Denke behalen muss. Éischtens well d'Leit hiert Recht behale musse fir mam Auto ze fueren an zweetens well vill Leit verflicht si sech mam Auto ze déplacéieren, well den öffentlechen Transport jo net iwwerall hifiert a well mer och an der Aarbechtswelt ëmmer méi flexibiliséieren an d'Leit duerfir och ëmmer méi onregelméisseg schaffen an duerfir net kënnen op den öffentlechen Transport zréckgräifen. Duerfir muss den Individualverkéier seng Plaz an eisen Iwwerleeunge behalen.

Doriwwer eraus muss esou e Konzept wéi dat vum Süden, wat mer elo hei diskutéieren, sech och an en nationaalt a globaalt Verkéierskonzept apassen. Dofir hu mir als ADR an deenen anere Bezierker déiselwecht Iwwerleeunge gemaach an hu versicht e Konzept ze fannen, wou d'ganzt Land anenee gräift. Mir hunn déi Propositioune gekuckt, déi um Dësch longen, souwuel vun der virechter Regierung, wéi de BTB-Projet, wéi vun der jëtzeger Regierung, an och de Projet vum Ingénieur Georges Schummer. Mir sinn zur Konklusioun komm, dass am Fong déi beschte Léisung, déi optimaalste Léisung fir de Verkéiersproblem national ze léisen, de Projet vum Här Schummer wier, an zwar hei am Zentrum mat engem Schinnennetz ënnert der Stad erduerch ze fueren, wou een all déi aner Schinnennetzer kéint drun uspanen. Ech kommen herno nach op d'Virdeeler vun deem System zréck.

Mir proposéieren also fir den öffentlechen Transport auszebauen a fir e konnefrëndlech ze maachen. Et gëtt versicht, virun allem vun eise grénge Kolleegen, fir d'Leit op den öffentlechen Transport ze kréien, fir de privaten Autostransport schlecht ze maachen. Mir soen, dass dat eng falsch Politik ass. D'Leit kritt een net op den öffentlechen Transport, andeem dass een den Auto schlecht mécht, mä et kritt een d'Leit op den öffentlechen Transport andeem een den öffentlechen Transport besser mécht.

***(Interruption)***

Dach, Här Huss. Dir maacht dat systematesch. Dir sidd géint all Strooss. Dir sidd géint all Parkplaz. Dir sidd fir d'Verdeiere vun dem Autofueren. Also sinn déi Gréng derfir, fir den Auto schlecht ze maachen. Mir sinn der Meenung, dass een den öffentlechen Transport muss besser maachen, an da ginn d'Leit op den öffentlechen Transport iwwer. Dir waart och déi, déi scho viru Jore wollten de Bensin op 100 Frang erop setzen. Kommt elo net a sot, Dir hätt ni eng Politik gemaach fir den Auto schlecht ze maachen. Et ass systematesch eng Politik, déi vun deene Grénge gemaach gëtt, fir den Auto schlecht ze maachen.

Mir sinn derfir, fir den öffentlechen Transport besser ze maachen, fir e flächendeckend auszebauen, fir Busspuren anzeféieren, fir den öffentlechen Transport gratis ze maachen, fir dass d'Leit op den öffentlechen Transport iwwer ginn.

***(Interruption)***

Neen, dat behënnert den Auto net, wann Der kuckt, wou haut Busspure sinn. An engem ordentleche Verkéierskonzept kann ee schéi Busspure bauen, ouni dass den Auto dofir behënnert gëtt. Mir hunn där Beispiller genuch. Mä wann Der keng Stroosse baut a wann Der keng Parkplaze baut, an Dir maacht d'Parkplazen deier, an Dir maacht de Bensin deier, an Dir maacht Schikane fir den Auto, da maacht Der domadder gären eng Politik, dass d'Leit vum Auto mussen erofklammen, an da sinn och déi Leit geschiedegt déi mussen op hiren Auto zréckgräife fir sech ze déplacéieren. Mat där Politik vun de Grénge si mir net averstanen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat mir wëllen um öffentlechen Transport änneren hei am Land, dat wëll ech lech, virun allem wat de Süde betrëfft, soen - well mir haut iwwert de Süde schwätzen -, an dat sinn am Fong déi Propositiounen, déi den ADR-Süden 2001 veröffentlecht huet.

Mir hunn deemools ënner anerem proposéiert fir de Park & Ride an der Grenzregioun flächendeckend auszebauen. Eng Rei vun deene Propositioune sinn och am Konzept vun der Regierung zréckbehale ginn. Et soll een net onbedéngt e Park & Ride no un d'Stad eruleeën, mä et soll een e vum Zentrum ewech maachen an an d'Grenzregioune leeën.

Mir hunn néng Park & Ridë proposéiert: zu Stengefort op der Grenz, zu Garnech beim Wandhaff, zu Athus-Rodange op der Gare, zu Bascharage-Suessem, zu Esch op der Cité Belval, zu Rëmeleng op der Grenz Ëtteng, zu Diddeleng bei Wuermereng an zu Diddeleng op der Grenz. Wat d'Autobunn ubelaangt: zu Fréiseng uewen um neien Échangeur vun der Saarstrooss. Domadder kéinten d'Frontalieren, déi vun deene villen Uertschaften aus dem Frankräich iwwert déi verschidde Grenziwwergäng an d'Land kommen, op deene Park & Riden opgefaange ginn a kéinten da mam öffentlechen Transport, sief et mam Zuch oder sief et mat Bussen iwwer Busspuren, an den Zentrum vun de Stied oder bis op Garen, wou d'Zich stoe bleiwen, transportéiert ginn.

Weider proposéiere mer fir déi öffentlech Eisebunnsinfrastrukturen auszebauen, se ze moderniséieren. Do denke mir och, wat haut de Moie schonn hei ugeklongen ass, un den Ausbau vun der Streck Péiteng-Lëtzebuerg op een zweet Gleis. Och d'Streck Beetebuerg-Lëtzebuerg misst esou séier wéi méiglech moderniséiert ginn. A mer soen och, dass een erëm kéint Strecken opmaache wéi zum Beispill Klengbetten-Stengefort oder Diddeleng-Schmelz-Wuermereng.

Bei de Schinnestrecke proposéiere mir eng nei Streck ze leeën, an zwar vun dem Parking Bouillon an der Stad laanscht d'Autobunn Richtung Esch, fir op d'Cité Belval ze kommen an zréck. Da kéint dat Schinnennetz weider hei an der Stad ugeschloss ginn un dat Netz, wat fir eis herno ënnert der Stad erduerchgeet oder un déi aner Schinnennetzer hei an der Stad selwer.

Dee Shuttle géif dann op Esch an d'Friches industrielles fueren, wou en op enger bestehender Eisebunnsschinn, déi haut nach der ARBED oder der Arcelor gehéiert, ënnert Bieles erduerch fiert - et misst also just gekuckt ginn, dass de Stat déi vun der ARBED kéint iwwerhuelen -, fir op där anerer Säit un d'Streck Klengbetten-Lëtzebuerg erëm kënnen ugeschloss ze ginn, wou dann am Fong ee Kreesverkéier vun der Eisebunn géing entstoen, wou ee kéint an zwou Richtunge fueren. Herno kéint een déi Schläifen nach weider ausbauen op Mamer, Klengbetten, Sterpenich oder an d'Grenzgebitt: Hondelange, Tuerpeleng asw.. Dat wär eng Iddi, wéi mer d'Schinnennetz kéinten an e Circuit abannen a wéi mer de ganze Süden am Fong kéinten an dee System integréieren.

Ee weidere Punkt ass dee vum Individualverkéier. Do proposéiere mir, dass de Bypass bei der Collectrice Sud zu Esch op der Autobunn Éilereng-Monnerech net däerf gebaut ginn. Mir proposéiere fir zousätzlech déi Stéchstrooss vun der Collectrice südlech vun Déifferdeng-Bieles laanscht d'franséisch Grenz och net ze bauen. A mir proposéieren dat Ubanne vun der Collectrice Sud vun der Biff entlaang Lénger oder Kënzeg un d'belscht Stroossennetz och net ze bauen. Mir wäerten deementspriechend Motiounen deponéieren.

Da proposéiere mer bestehend Stroossen ze verbesseren, déi de Moien och schonn hei genannt gi sinn, Lankëltz an esou virun. Mir proposéieren awer och d'Autobunn vu Stengefort op Diddeleng op dräi Spuren auszebauen, well mer wëssen, dass dat déi Haaptachs ass, wou de gréisste Beruffsverkéier an d'Land erakënnt, mä wou awer och dee gréissten Transitverkéier hei am Land sech ofwéckelt. Wann herno d'Saarstrooss bis fäerdeg ass, wäert den Transitverkéier vun der Belsch an Holland a Richtung Däitschland an zwou Richtunge vu Lëtzebuerg op Diddeleng eriwwer goen - momentan geet et jo nëmmen an enger Richtung dohinner -, an da gëtt déi Strooss, wou mer haut scho praktesch all Dag een Accident drop hunn a permanent Stauen hunn, nach zousätzlech duerch Transitverkéier belaascht. D'Saarstrooss wäert insgesamt méi Verkéier mat sech bréngen, deen dann un déi Strooss uschléisst, sou dass et onbedéngt wichteg ass dass mer d'Streck vu Stengefort bis op Diddeleng op dräi Spuren ausbauen.

Mer sollen och déi bestehend Nationalstroosse beim Bau vun neien Infrastrukture mat Busspure generell versinn. Och si mer der Meenung, dass een d'Micheviller Strooss, wéi se genannt gëtt, op Villerupt eriwwer am Kader vun den Industriebrooche misst mat abauen.

Mir sinn och der Meenung, dass een nach zwou Ëmgehungsstroosse misst am Süde bauen. Déi eng ass ronderëm d'Uertschaft Bascharage, wou mer eng Propositioun gemaach hunn, an déi aner ass ronderëm d'Uertschaft Dippech, wou mer och eng Propositioun gemaach hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn nach eng Minutt Zäit, an dofir géif ech kuerz soen, dass ech zum Schluss vu menger Ried Motioune wäert deponéiere fir Saachen déi mer wëllen,…

***(Interruption)***

Sinn et nach sechs Minutten?

…respektiv Saachen déi mer net wëllen, Ausdrock ze ginn.

Wichteg ass dass, wa mer wuel vun engem Verkéierskonzept fir de Süde schwätzen, mer awer vun engem globale Verkéierskonzept schwätzen, virun allem wat den öffentlechen Transport ubelaangt, dee sech och un den Zentrum uschléisse léisst an dofir, wéi gesot, hu mer als ADR décidéiert déi Iddi vum Här Schummer ze ënnerstëtzen, well déi eben ënnert der Stad erduerchgeet a well déi eng ganz Rei vu Virdeeler huet.

***(Interruption)***

Et ass net den Här John Schummer domadder gemengt. Neen, neen, ech géif dem aarmen Här Schummer dat och net wëllen undoen, fir dee mat Iech ze verwiesselen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass wuelverstanen de Projet vum Här Schummer, dem Ingénieur Schummer, deen ënnert der Stad erduerchgeet, deen huet nämlech de Virdeel, dass d'Leit net bräichten ëmzesteigen. Een, deen zum Beispill op de Lampertsbierg an de Lycée geet an aus dem Süde kënnt, kéint a sengem Zuch sëtze bleiwen a géif um Lampertsbierg erausklammen oder ëmgedréint. Een, deen aus dem Norde kënnt, deen op de Geesseknäppchen an d'Schoul geet, kéint sëtze bleiwe bis op de Geesseknäppchen. Dem Här Grethen säi Konzept, dat bréngt ëmmer nach mat sech, dass d'Leit mussen duerch d'Stad mat Busse gefouert ginn. Mir féiere se also alleguer op d'Gare, an da féiere mer se mat de Bussen erëm quiesch duerch d'Stad dohinner wou se missten hikommen. Doriwwer eraus hätt dat heiten de Virdeel, datt mer kee Schantjen an der Stad hätten, datt mer keen Tram duerch d'Stad hätten an datt mer manner Bussen duerch d'Stad hätten.

Dee Projet géif also nëmme Virdeeler mat sech bréngen an d'ganzt Schinnennetz géif flächendeckend am Land matenee verbonne ginn an et kënnt och vun eiser nationaler Eisebunnsgesellschaft integral exploitéiert ginn a mir bräichten och nëmme mat engem Material ze fueren amplaz datt mer, laut dem Konzept vum Här Grethen, elo mat verschiddene Materialer musse fueren. Et wier och méi éierlech, well d'Konzept vun der Regierung, wat jo och e Stéch vum Kierchbierg eriwwer op d'Rout Bréck zoumécht, ass am Fong de Wee ugedeit, fir datt an enger nächster Phas awer och dës Regierung wëllt, obscho se virun de leschte Wahle géint de BTB-Projet war, weider an den Zentrum vun der Stad fueren an duerch d'Stad fueren. Si ass also just onéierlech vis-à-vis vun de Bierger vun der Stad Lëtzebuerg.

Dat Konzept vum Ingénieur Schummer hätt zum Virdeel, datt mer net bräichten duerch d'Stad ze fueren, iwwert de Buedem, mä trotzdeem ënnert der Stad erduerch a mir hätten den Uschloss bei alle wichtege Punkten, an de Schoulen, ouni datt d'Leit bräichten ëmzeklammen.

Et gëtt de Käschtepunkt invoquéiert. Deen ënnert dem Buedem erduerch ass haut net méi vill méi deier wéi e laangjährege Projet iwwert dem Buedem. Mir fueren haut op ville Plazen hei am Land mat den Autobunnen ënnert dem Buedem erduerch a wann een an d'Ausland geet, do ass dat, iwwert dat mer hei diskutéieren, eng Regel ginn an et ass iwwerhaapt och kee Problem méi, esou dass mer eis awer wäerten dofir asetzen, dass an der zoustänneger Chamberkommissioun dee Projet als Alternativprojet wäert zur Diskussioun kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot, meng Zäit ass ofgelaf hei. Ech géif Iech hei eng Rei vu Motiounen iwwerginn an ech géif Iech merci soe fir Är Opmierksamkeet.

***Motion 4***

*La Chambre des Députés, considérant*

*- la reconversion projetée des friches industrielles dans le Sud du pays;*

*- la saturation du réseau routier luxembourgeois du Sud et Sud-Ouest aux heures de pointe;*

*- la dépendance de l'économie luxembourgeoise du réservoir de main-d'œuvre de la grande région;*

*- l'extraordinaire croissance du nombre des frontaliers partant de 13.400 personnes en 1984 et dépassant le cap des 100.000 personnes en janvier 2002;*

*- que la grande majorité des frontaliers est issue des régions immédiatement voisines de la France et de la Belgique et a comme cible le Centre et le Sud du pays;*

*- que l'utilisation par ces frontaliers du transport public reste dérisoire, à l'exception de ceux habitant dans les zones attenantes aux axes ferroviaires comme notamment celle de Marbehan-Arlon-Luxembourg, avec un « modal split » pour la France de 5:95 et pour la Belgique de 13:87;*

*- le spectre d'une croissance persistante de la population résidente conséquence de l'attrait persistant du marché de travail luxembourgeois;*

*- qu'un système performant et de qualité de transport public transfrontalier de personnes est un moyen permettant de modérer l'augmentation de la population résidente et les problèmes y liés;*

*- qu'un système de transport public transfrontalier performant vers les pôles d'activité économique du Luxembourg est crucial pour assurer la croissance future du pays;*

*invite le Gouvernement à*

*- œuvrer pour la création d'un système performant de transport public transfrontalier régional qui assure l'acheminement rapide des frontaliers belgo-français vers les centres d'activité économique actuels et en voie de création du Grand-Duché de Luxembourg.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

***Motion 5***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant le papier stratégique « mobilitéit.lu » du Ministère des Transports du 24 janvier 2002;*

*- saluant la volonté du Gouvernement de créer deux ceintures de parkings « Park&Ride » dont une, comportant neuf aires de stationnement, le long de la frontière sud et sud-ouest du pays et une autre, comportant quatre aménagements « Park&Ride » au sein même de cette région du pays;*

*- constatant que le Ministère des Transports envisage d'introduire le stationnement payant sur la ceinture existante de parkings « Park&Ride » aux confins de la capitale;*

*- estimant qu'il s'agit d'encourager la volonté des automobilistes de profiter du service « Park&Ride »;*

*- jugeant en conséquence comme contre-productive l'introduction du stationnement payant aux parkings « Park&Ride »;*

*- notant que cette mesure frappera en premier lieu la population résidente du Grand-Duché et notamment les habitants de la grande banlieue de la ville de Luxembourg, mesure qui dès lors est à considérer comme discriminatoire;*

*- attendu qu'il y a lieu de garantir le traitement égal des automobilistes indépendamment du lieu de leur résidence;*

*invite le Gouvernement à*

*- se distancier de toute intention de vouloir taxer le stationnement sur des parkings « Park&Ride ».*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

***Motion 6***

*La Chambre des Députés, considérant*

*- les projets de connexion des tronçons Ouest et Est de la Collectrice du Sud dans le cadre de la liaison projetée des réseaux routiers d'Allemagne et de Belgique;*

*- les nombreuses informations concordantes sur l'intention gouvernementale de construire dans ce contexte une bretelle d'autoroute (« by-pass ») à travers la commune de Mondercange reliant la Collectrice du Sud à l'autoroute Esch-Luxembourg;*

*- le démenti public peu convaincant de Madame le Ministre des Travaux publics « excluant à ce stade la construction d'une telle autoroute »;*

*- qu'une amélioration d'aménagement à apporter aux échangeurs Esch-Lankelz et Mondercange-Foetz contribuerait à accélérer la fluidité du trafic sur le tronçon autoroutier commun entre la Collectrice du Sud (A13) et l'autoroute Esch-Luxembourg (A4);*

*- l'intention du Gouvernement de construire une seconde voie de chemin de fer reliant Esch-sur-Alzette à la capitale;*

*- rappelant la motion votée par le conseil communal de Mondercange s'opposant « formellement à la réalisation d'une bretelle d'autoroute supplémentaire coupant en deux la localité de Mondercange et engendrant des nuisances inacceptables pour les habitants de cette partie de la localité »;*

*invite le Gouvernement à*

*- tout mettre en œuvre pour améliorer la fluidité du trafic sur le tronçon autoroutier commun entre la Collectrice du Sud et l'autoroute A4 et les échangeurs Esch-Lankelz et Mondercange-Foetz;*

*- renoncer à l'intention de construire une bretelle d'autoroute entre la Collectrice du Sud et l'autoroute A4 passant à la hauteur de Ehlerange vers Foetz.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

***Motion 7***

*La Chambre des Députés,*

*- constatant la saturation des principaux axes routiers luxembourgeois conduisant à des embouteillages considérables notamment aux heures de pointe;*

*- considérant la croissance exponentielle du marché de l'emploi luxembourgeois durant la décade passée;*

*- considérant les avantages écologiques du transport en commun par rapport à l'utilisation généralisée et massive de moyens de transport individuels;*

*- considérant dès lors qu'il est indispensable d'inciter de façon conséquente le salariat-navetteur à recourir pour son trajet professionnel aux moyens de transport publics;*

*- saluant la volonté du Gouvernement d'orienter tous les nouveaux projets dans le domaine du transport vers un accroissement de la part des transports publics au « modal split » national d'actuellement 14% à 25 %;*

*- constatant que l'achat de tickets de transport constitue non seulement un frein matériel mais également psychologique à l'utilisation des transports publics;*

*- constatant que seulement une partie infime des coûts réels du transport public sont et pourront être financés par la vente de billets de transports;*

*- constatant que d'ores et déjà la collectivité finance l'offre de transport public des personnes et que pareille offre est aujourd'hui plus que jamais considérée comme relevant de l'intérêt public;*

*- constatant que dans la plus grande majorité des cas l'entretien d'une voiture privée, avec toutes les charges que cela implique, s'impose même pour l'utilisateur systématique des moyens de transport public;*

*- considérant que l'utilisateur de l'offre de transport public fait preuve d'un comportement socialement louable qui ne peut être sanctionné du fait qu'il s'agit d'un service payant;*

*invite le Gouvernement à*

*- introduire avant la fin de la législature la gratuité complète des moyens de transport public.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

***Motion 8***

*La Chambre des Députés, considérant*

*- la réponse écrite de Madame le Ministre des Travaux publics à la question parlementaire n°701 du 2 septembre 2000, relative au contournement des communes de Bascharage et de Dippach, affirmant que « la nécessité de construire un contournement de Bascharage reste évidemment donnée de sorte que les travaux afférents figurent parmi les priorités du département des Travaux publics. »;*

*- que, malgré les promesses répétées des ministres successifs en charge du Ministère des Travaux publics et de plans dont les premiers datent du début des années 1970, sur le terrain rien ne s'est passé et que la situation n'a cessé de s'empirer;*

*- que journellement plus de 21.000 voitures traversent diamétralement la localité de Bascharage (avenue de Luxembourg) dans les deux sens;*

*- que tous les matins le trafic professionnel crée des embouteillages en direction de la ville de Luxembourg dans toutes les localités sises sur la route nationale 5 (Bascharage, Hautcharage, Sprinkange, Schouweiler et Dippach);*

*- que tous les soirs ce même trafic crée des embouteillages en direction de Pétange-Longwy;*

*- que dans toutes les localités sises sur la route nationale 5 la qualité de vie de la plus grande partie des habitants se trouve dégradée à cause des preneurs de chemins détournés;*

*- que l'important développement et la diversification économique de la commune de Bascharage et de sa zone industrielle nationale a, notamment dans cette commune, fortement aggravée la situation et risque de la rendre complètement intolérable;*

*- que cette dernière commune a été saisie de 40 demandes en vue d'un emplacement dans la nouvelle zone artisanale communale que cette commune est en train de créer dans le but de soutenir une politique de développement économique du Luxembourg;*

*- l'importance d'une politique économique de diversification et le risque de voir entraver cette dernière du fait de légitimes considérations politiques locales visant à freiner l'installation de nouvelles activités économiques afin d'éviter d'attirer du trafic supplémentaire;*

*- qu'une récente étude « biomonitoring » a révélé une forte pollution de l'air malsaine dont sont exposés les nombreux citoyens habitant le long de la N5;*

*- la résolution votée à l'unanimité le 11 décembre 2001 par le conseil communal de Bascharage demandant « avec fermeté » la réalisation d'un contournement de sa commune;*

*invite le Gouvernement à*

*- faire avancer d'urgence le projet d'un contournement de la commune de Bascharage;*

*- réaliser un contournement des autres localités, Sprinkange, Schouweiler et Dippach, sises sur la route nationale 5;*

*- accéler les travaux visant à doubler la capacité de ligne ferroviaire Pétange-Luxembourg.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

***Motion 9***

*La Chambre des Députés,*

*- ayant pris connaissance des nombreuses informations concordantes sur les intentions tant communautaires que nationales d'envisager:*

*la construction d'une nouvelle liaison autoroutière entre l'autoroute Luxembourg-Bruxelles (E 411) et l'autoroute Thionville-Metz (A 31) passant sur le territoire belge et français.*

*le prolongement de la Collectrice du Sud (A 13) au-delà du giratoire „Biff" à Bascharage afin de la raccorder à la hauteur de Sélange en Belgique à la prédite liaison en passant à l'est de la localité de Linger et à l'ouest de celle de Clemency.*

*- considérant notamment le document adopté le 12 novembre 2001 lors du sixième sommet de la Grande Région visant à parfaire l'infrastructure routière transrégionale;*

*- constatant que la réponse de Madame le Ministre des Travaux publics en date du 15 février 2002 à la question parlementaire n°1496 du 24 janvier 2002 constitue un plaidoyer pour la jonction de la Collectrice du Sud à travers le territoire des communes de Bascharage et de Clemency à la nouvelle autoroute qui descendra le long de la frontière belgo-luxembourgeoise vers la France;*

*rend attentif au fait que le raccordement projeté de la Collectrice du Sud*

*- détruira un paysage champêtre et forestier intact et contigu offrant à la population des communes de Bascharage et de Clemency une zone de récréation de proximité paisible qui se distingue par ses pistes cyclables et promenades;*

*- portera gravement atteinte à la qualité de vie par pollution sonore, notamment des habitants de la commune de Bascharage, du fait que le prolongement de la Collectrice du Sud traversera le territoire de Bascharage vers Clemency en montée et que l'efficacité des mesures d'insonorisation à prévoir est ainsi douteuse;*

*- transformera la Collectrice du Sud en autoroute de transit international accroissant de ce fait considérablement toutes les nuisances liées au trafic routier au Sud du pays;*

*- risque fortement de mener au dépassement de la capacité de la Collectrice du Sud et de nécessiter en conséquence des investitions supplémentaires massives dans les infrastructures routières du Sud du pays;*

*- se heurte à l'opposition des conseils communaux de Bascharage et de Clemency exprimée par des résolutions votées à l'unanimité le 11 octobre 2002 respectivement le 27 mars 2002;*

*invite le Gouvernement à*

*- renoncer à l'intention de raccorder la Collectrice du Sud à partir du giratoire „Biff" à Bascharage, en passant entre les localités de Linger et de Hautcharage et à l'ouest de Clemency, au réseau autoroutier belge.*

*(s.) Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss ageschriwwen. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Diskussioun, déi mer haut hei féieren, fir dem wuessende Verkéierschaos op de Stroossen och am Süde vun eisem Land entgéint ze wierken a fir ëmgekéiert e globaalt-, nohaltegt- a grenziwwerschreidend Verkéierskonzept fir d'Groussregioun ronderëm Lëtzebuerg opzebauen, ass eng längst iwwerfälleg Diskussioun. Zum engen, well mer haut schonn derbäi sinn am Verkéierschaos vun ëmmer méi Autoen a Camionen ze erstécken, mä doriwwer eraus well mer ganz wahrscheinlech wäerte mussen dovun ausgoen, dass trotz momentan rezessiven Tendenzen an der Wirtschaft bei eis an an Europa ronderëm eis Lëtzebuerg trotzdeem och weiderhi wäert wirtschaftlech Aktivitéiten unzéien, an domadder och nach méi Stroosseverkéier.

An der Südregioun méi speziell wäert dat jiddefalls och ganz staark de Fall si mat der Neientwécklung vun der Industriebrooch Belval an eventuell mat anere Brochen, an et ass dofir absolut urgent datt mer reagéieren an endlech ufänken déi schéi Wierder vun engem Développement durable um Gebitt vu Landesplanung a Verkéier och an d'Praxis ëmzesetzen.

Wat nämlech déi viregt CSV-LSAP-Regierungen an deene vergaangene 15 bis 20 Joer op dësem Gebitt geleescht hunn a wat déi aktuell CSV-DP-Regierung op dësem Gebitt bis haut geleescht huet, ass alles mä keen Développement durable. A wann dofir haut den Här Zanussi als Interpellant vun der LSAP hei aus der Oppositioun eng ganz Rei vu richtegen Analyse gemaach an och richteg Fuerderungen opgestallt huet, esou muss een trotzdeem hei drop hiweisen, datt an deene 15 Joer, wou seng Partei mat regéiert huet, leider net ganz vill an där Richtung realiséiert ginn ass an datt fir vill Feelentwécklungen am Beräich vu Landesplanung a Verkéiers- a Stroossebau, ënnert deene mer haut leiden, niewent der CSV och seng Partei mat de Ministere Schlechter a Goebbels mat schëlleg ass.

Et ass natierlech no dëse Kriticken trotzdeem kloer, datt mer als Gréng déi nei Orientéierung vun der LSAP an der Oppositioun ganz begréissen. Mir hunn och kee Problem déi dräi Motioune matzestëmmen, mä mir wieren natierlech vill méi frou nach, wann endlech och d'DP vum Här Grethen an d'CSV vun der Bauteministesch, der Madame Hennicot, sech kloer, onzweedäiteg a virun allem och onzweespureg géife fir eng wierklech ëmfaassend Dezentraliséierung a besonnesch och fir e massiven Ausbau vun engem attraktiven an öffentlechen Transport entscheeden.

Dir Dammen an Dir Hären, et ginn zwar elo allgemeng Pläng fir d'Entwécklung vun der Brooch Belval als groussen Dezentraliséierungsprojet, wat mer kloer begréissen a wouru mer als Gréng och aktiv an de Gemengeréit matschaffen, fir do d'Konditioune vun engem Développement durable a Saachen Ëmwelt, Energie an Transport ze schafen.

An a Saache Landesentwécklung a Verkéiersplanung gëtt jo elo endlech geschafft un engem sougenannten IVL, dem integréierte Verkéiers- a Landesplanungskonzept, dee mer da wahrscheinlech e puer Méint virun de kommende Chamberswahle wäerte presentéiert kréien. Mä an der konkreter Praxis, an der konkreter Realiséierung no fënnef Joer CSV-DP-Regierung, wäert d'nächst Joer leider net vill Konkretes, Positives opzeweise sinn. De Verkéierschaos wäert op jidde Fall bis dohin nach weider zouhuelen.

Fir eis sinn d'Haaptursaache vun Zersiedlung a Verkéierschaos jiddefalls ganz kloer. Déi vergaangen CSV-LSAP-Regierungen an elo CSV-DP-Regierung hu bis viru ganz kuerzem nach ëmmer d'Konzentratioun vun Ekonomie a Verwaltungen an a ronderëm d'Haaptstad erméiglecht a gefördert. Déiselwecht Regierungen hunn och praktesch eesäiteg de Privatauto an de Stroossebau privilégiéiert an ëmgekéiert den öffentlechen Transport total vernoléissegt an zum Deel verkomme gelooss.

An aus all deene Grënn, wéinst all deene vergaangene Feeler, sti mer haut do wou mer stinn, nämlech am deegleche Stau, a jidderee beklot sech net nëmmen iwwert dës permanent Verkéiersstauen, iwwert déi vill Accidenter oder iwwert den alldeegleche Kampf ëm eng Parkplaz, och an den Uertschaften an an de ville Wunnquartieren, grad och am Süde gëtt et ëmmer méi Kloen iwwert d'Verloschter vu Liewensqualitéit duerch den Autos- a Camionstrafic, Kloe virun allem iwwert de permanente Stress a Kaméidi, woubäi ville Leit leider awer aner grouss Risike fir Ëmwelt, Gesondheet a Liewensqualitéit duerch dëse Stroosseverkéier emol nach guer net esou bewosst ze si schéngen. Mat anere Risike menge mer zum Beispill de Fait, esouguer wann aner Regierungen et bis 2015 oder 2020 géife fäerdeg brénge vun engem aktuelle just 12%egen Undeel vum öffentlechen Transport par rapport zum Auto op da 25% öffentlechen Transport ze kommen, datt dat trotzdeem nach zu enger 30%eger Zounahm vun eisen $CO_2$-Emissiounen duerch de Verkéier géif féieren, wat komplett konträr zum Kyoto-Protokoll iwwert de Klimaschutz wier. Mat anere Risike menge mer och déi wuessend Gesondheetsgeforen, déi vun Autosauspuffgasen a Verkéierskaméidi ausginn.

Otemweeërkrankungen, Häerzkreeslaferkrankungen, Allergië vun allen Zorten, Longekriibs duerch Dieselpartikelen, fir der nëmmen e puer ze nennen, woubäi virun allem Kanner, Allergiker an eeler Leit Haaptbetraffe sinn.

Aus der Ëmweltmedezin an aus epidemiologeschen Etüde wësse mer, datt d'Bewäislaascht an dëse Bezéiungen, zum Beispill a Saachen Ozonbelaaschtung am Summer, eendeiteg ass, an och eleng schonn dofir misst et endlech zu engem globale politeschen Ëmdenke kommen. Et ass dofir och scho bal skandaléis, wann een hei d'Virstellunge vum ADR héiert, fir am Süde vum Land nach méi Autobunnen ze bauen, dat heescht, beziehungsweis nach nei Piste bei der Collectrice du Sud derbäi ze bauen. Ech verstinn och guer net d'Haltung beispillsweis vum Dokter Colombera, deen esou eng Haltung hei géif matdroen, wou e jo awer als Dokter misst wësse wat fir eng Gesondheetsgefore vun nach zousätzlechem Autosverkéier géifen ausgoen.

***(Interruptions)***

Dofir verstinn ech guer net, datt den Dokter Colombera esou eng Haltung vu sengem Fraktiounschef, dem Gast Gibéryen, hei ka matdroen.

***(Interruptions)***

Dir Dammen an Dir Hären, all dës méi allgemeng Betruechtungen iwwert d'Belaaschtunge vu Liewensqualitéit a Gesondheet an iwwert déi vergaange Feeler a Feelentwécklungen treffen natierlech grad och op de Süde vun eisem Land zou. Et ass an eisen Aen dofir urgent, absolut urgent, datt endlech déi noutwendeg Konklusioune gezu ginn a Géigemesuren ageleet ginn, fir an engem méi positive Sënn ëmsteieren ze kënnen, besonnesch wann am Süde vum Land duerch esou Projete wéi d'Brooch Belval nach méi Leit an nei Mobilitéitsbedürfnisser derbäi kommen.

Wat fir eng Feeler mussen also an Zukunft vermiede ginn? Wat fir nei Akzenter musse gesat ginn? Wat fir Neiorientéierunge mussen ageleet ginn a wéi muss e Gesamtkonzept vun Entwécklungen am Transport am Süden ausgesinn?

E puer Haaptstéchwierder vun esou engem Gesamtkonzept. Um Niveau vun der Landes- an der Regionalplanung mussen definitiv Neel mat Käpp gemaach ginn am Sënn vun der Dezentraliséierung, net nëmme vu wirtschaftlechen Aktivitéiten, mä och vu staatlechen an öffenteche Verwaltungen, fir datt d'Aarbechtsplaze méi sënnvoll gerecht an dezentral an deene verschiddene Regioune vum Land verdeelt ginn, a virun allem dohinner wou och vill Leit wunnen.

Éischt Orientéierungen aus dem IVL schéngen, esou wäit se bekannt sinn, an esou wäit se dann och realiséiert géife ginn, an déi richteg Richtung ze goen. Et sollt awer an eisen Ae méi staark wéi bis elo, och an Terme vu Grousregioun, mat eisen direkten Noperen aus eise Grenzregioune geduecht an zesummegeschafft ginn, awer net esou wéi dat bis elo de Fall war, nämlech haaptsächlech fir d'Plange vun neien Autobunnen a Schnellstroossen.

Am Kontext vun Dezentraliséierung a Verteidigung vu Liewensqualitéit fuerdere mir Gréng jiddefalls, datt keng nei Industrie-, Gewerbe- oder Aktivitéitszone méi sollen ausgewise ginn, wann net eng kloer an optimal Ubannung dovun un den öffentlechen Transport assuréiert ass.

Genau esou kloer ass eis Fuerderung, déi och vun de Biergerinitiativen am Südweste vum Land, vu Monnerech, Suessem, Kënzeg, Mamer, Kielen, Keespelt, Meespelt ausgedréckt gëtt. Déi fuerderen nämlech, datt elo endlech muss Schluss si mam Geautobunns a mat stänneg neie Schnellstroossen. Mir Gréng si kloer géint déi sougenannten Tangente Ouest, déi niewent der Nordautobunn praktesch eng zweet Schnellstrooss vu Miersch iwwer Kielen a Mamer bis an de PED op Rodange-Athus géif realiséieren.

Mir sinn och kloer géint eng nei Verbindung vu Bascharage laanscht Kënzeg an d'Belsch op Sélange an och géint en neit Verbindungssték, dee sougenannte Bypass zu Monnerech, wat aus der Collectrice du Sud eng nei Transitautobunn vun Antwerpen op Mailand duerch eist Land géif maachen. A mir mengen, datt och op enger Rei vun anere Plaze misst e Stop vun neie Stroossen dekretéiert ginn.

***(Interruption)***

Fir eis mussen d'Prioritéite jiddefalls endlech emol ëmgekéiert ginn. Dat heescht, fir d'éischt a schnellstens en attraktiven öffentlechen Transport plangen a realiséieren a fir d'zweet d'Resultater dovunner analyséieren an eventuell zousätzlech Verbesserungsmesurë plangen a realiséieren, an eréischt laang dono kéinten dann eventuell aner Léisungen a Fro kommen.

Dir Dammen an Dir Hären: Wat heescht en attraktiven öffentlechen Transport fir eis Südregioun ze plangen? Nun, well eis Riedezäit hei nom Modell 1 zimlech ageschränkt ass, kann ech dat hei leider nëmmen an Haaptstéchwierder an a groussen Zich duerleeën. Et ass natierlech och kloer, datt a vill vun deene Froen d'Problematik vum Süde vum Land nëmme kann am Kader vun engem Gesamtkonzept vun eisem Land an ënner Abezéie vu grenziwwerschreidende Léisungen, zesumme mat eisen Noperen, geléist ginn. Sou ass et fir eis jiddefalls evident, virun allem wéinst de Beruffspendler an eise Grenzregiounen, datt en neien an attraktiven öffentlechen Transport a Saache Bunn, Tram a Bus definitiv muss grenziwwerschreidend organiséiert ginn, woubäi mer et am Süde vum Land virun allem mat franséischen an zum Deel och mat belsche Pendler ze dinn hunn.

Prioritär bleiwe fir eis folgend konkret Fuerderungen.

1. Déi schnellstméiglech Realiséierung vum BTB-Konzept, an zwar am Ënnerscheed zum Här Grethen sengem kastréierte Projet, mam Tram vun der Gare an de Stadszentrum, well praktesch d'Halschent vun de franséische Frontalieren an och vun de Lëtzebuerger, déi aus dem Süde kommen, grad dohinner schaffe ginn.

***(Interruption)***

Wichteg fir och déi schnellstméiglech Realiséierung vum zweete Gleis vu Péiteng an d'Stad an och d'Realiséierung vun där envisagéierter neier Bunnstreck an d'Stad, fir doduercher och déi grouss nei Industrie- an Aktivitéitszonen bei Leideleng a Gaasperech un den öffentlechen Transport unzeschléissen, dat onofhängeg dovunner ob elo franséisch Beruffspendler oder Leit aus dem Süden dohinner schaffe ginn.

2. Et misst endlech déi vum Mouvement écologique a vun deene Grénge längst gefuerderte Verkéiersverbond vun allen öffentleche Verkéiersträger geschaf ginn, fir do déi verschidden Acteure besser kënnen ze koordinéieren an openeen ofzestëmmen, am Interesse vun de Clienten a vum öffentlechen Transport. Wann déi Ofstëmmung net genuch assuréiert ass, net nëmme bei Retarden, wann d'Leit ze laang musse waarden, wa se eventuell Busse verpassen oder ze oft mussen ëmsteigen, da geet dat op d'Käschte vun der Attraktivitéit vum öffentlechen Transport, dann huelen d'Leit trotzdeem léiwer hiren Auto a fueren an de Stau.

3. Fir iwwerhaapt awer emol iergendeng Attraktivitéit vun dem öffentleche Verkéiersträger ze schafen, missten dringend op enger Rei vu Gebitter besser infrastrukturell an och personnell Viraussetzunge geschaf ginn, dat heescht et mussen dringend, virun allem bei der CFL, méi a méi modern Wagonen op d'Schinne kommen an de Service um Client muss am Sënn vum Sëtzkomfort an anere Servicer verbessert ginn. Fir nëmmen zwee negativ Beispiller ze nennen: éischtens, souguer wa mëttelfristeg nëmmen 20 bis 30% Beruffspendler méi wéi bis elo wéilte mam Zuch op hir Aarbecht an d'Stad fueren, wat eis vill Autofahrten duerch Rëmeleng, Keel, Téiteng, Beetebuerg, Bascharage an esou viru géif erspueren, wier dat haut praktesch onméiglech, well schonn haut zu den Haaptberuffszäiten d'Zich iwwerfëllt sinn a vill Leit musse stoen. Als zweet negatiivt aktuellt Beispill a Bezuch op eis Bussen: Wa mer weiderhin esou viru fueren eis Schülerinnen a Schüler wéi d'Hierken an der Tonn an d'Schoulen an erëm zréckzetransportéieren, da schafe mer doduercher keng zukünfteg Clienten an Adeptë vum öffentlechen Transport, mä just nei Autofreaken, déi vu Joer zu Joer d'Beruffsstauen nach weider wäerte vergréisseren.

Une voix.- Très bien.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Fazit: Et muss endlech a massiv a modernt Material an och a motivéiert Personal investéiert ginn, souwuel vu Säite vun der Regierung, als wichtegsten Aktionnär vun der CFL, an och vun de concernéierte Busbetriber. Wann do elo net urgent eppes geschitt, an do ass d'CSV-DP-Regierung gefuerdert, dann ass op jidde Fall kloer, datt een all Verständnis muss hu fir déi Gewerkschaften, déi bei der CFL am Moment dofir bereet sinn ze streiken.

4. Noutwendeg am Sënn vun enger Attraktivitéitssteigerung vum öffentlechen Transport am Süde wéi am ganze Land, wéi och d'Schafe vun enger Mobilitéitszentral an der Stad, mä mat Antennen a virun allem och mat enger staarker Antenn am Süde vum Land, sou wéi se vum Mouvement écologique gefuerdert gëtt. Hir Aufgabe wieren et eng effikass Promotioun vum öffentlechen Transport, Informatioun a Berodung vum Client an d'Verschaffe vu Plainten a Reklamatiounen. Si wier e sichtbaart Element vun enger aktiver Koordinatioun a Vernetzung vun deene verschiddenen Transportweeër an d'Transportträger. Interessant an deem Kontext wier och d'Iddi vun enger Mobilitéitsplanung an de Betriber an den Aktivitéitszonen, zum Beispill mat Iddie wéi Spezialbusser oder Jobticketen, déi do kënnten ugebuede ginn.

Une voix.- Très bien.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Wat awer an der Regierungserklärung vun dëser CSV-DP-Regierung 1999 nach als eng positiv ze creuséierend Iddi ugesi ginn ass, ass leider bis haut nach net realiséiert ginn, och wann anscheinend an de Büroe vum Ministère dorunner géif geschafft ginn. Dogéint huet dës Regierung awer net laang gezéckt fir d'Attraktivitéit vum öffentlechen Transport sozial nach zousätzlech ze beschiedegen, andeem se d'Präisser vun de Billjeeën an de vergaange Joren einfach eropgesat huet. Sou, Dir Dammen an Dir Häre vun der CSV an der DP, amélioréiert an optimiséiert een net d'Offer vun den Transports publics, sou wéi et an ärer Regierungserklärung stoung. Et war awer genau dat wat der de Leit versprach hat.

5. Wat d'Zukunft an d'Entwécklung vun den Industriebroochen am Süden ubetrëfft, sou ass et evident, datt duerch dës positiv Entwécklung mëttelfristeg awer och nei Mobilitéitsbedürfnisser wäerten entstoen, wou elo déi richteg Jalone musse gesat gi fir wierklech e Modal split vu 40 zu 60 ze erreechen a fir d'Feeler vun der Vergaangenheet net nach eng Kéier ze maachen.

   An dësem Kontext - ech gesinn, datt meng Riedezäit elo lues a lues op en Enn geet, dofir muss ech e wéineg kierzen - ass et vun eis aus wichteg, datt vun Ufank u geplangt gëtt, fir op der Brooch selwer den Tramsystem lafen ze loossen an net nëmmen um Südrand dovunner, well mer der Meenung sinn datt et immens wichteg ass datt d'Leit do optimal ofgeholl gi wou se wunnen. A wann herno 15.000 bis 20.000 Leit do schaffen an do wunnen, da solle se och do ofgeholl gi vun engem modernen, performanten Tramsystem, ouni nach musse laang op Bussystemer ëmzesteigen.

Une voix.- Très bien.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Mir verlaangen also, dass ganz rapid am Süde vum Land nei an ugepassten an och liicht Trammaterial soll ugeschaaft ginn, fir besser a méi schnell Verbindungen op Belval selwer, mä och vu Belval fort zu deenen aneren Uertschafte laanscht d'franséisch Grenz kënnen opzebauen.

Wat fir d'Collectrice du Sud als Stroossebau méiglech war, dat misst an eisen Aen an de kommende Joren och am Beräich Train-Tram méiglech gemaach ginn. Dat ass op jidde Fall dat wat mir an der Zukunft vum Süde vum Land wëllte realiséieren.

An deem Sënn, Här President, hunn ech och eng Motioun hei un d'Regierung geriicht, déi ech lech hei iwwerreechen.

***Motion 10***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la croissance démographique et économique, l'extension des structures urbaines et des infrastructures routières ont conduit à une augmentation considérable de la circulation routière, notamment dans le bassin minier;*

*- considérant que cette augmentation de la circulation routière porte largement atteinte à la fois aux aspirations à une meilleure qualité de vie dans les agglomérations et à l'efficience même de la mobilité individuelle par la route;*

*- considérant que par la réaffectation des friches industrielles émergera au sud du pays un centre dynamique de développement économique avec de nouveaux besoins de mobilité;*

*- considérant que l'augmentation du trafic dans le bassin minier laisse craindre une saturation du réseau routier à plus ou moins court terme;*

*- considérant que le développement des friches industrielles ne devra pas permettre la pérennisation des erreurs du passé en matière de circulation;*

*- considérant que les engagements pris par le Luxembourg dans le contexte des conventions internationales pour une meilleure protection de l'environnement et du climat en particulier ne permettent pas une augmentation des capacités du réseau routier;*

*invite le Gouvernement*

*- à réaliser un concept global pour la mobilité dans la région sud du pays traduisant les impératifs économiques, écologiques et sociaux dans un concept intégrant le rail et les réseaux d'autobus;*

*- à prononcer un moratoire sur la réalisation de toute extension des grands axes routiers pour la durée de l'élaboration du plan sectoriel transport pour le bassin minier;*

*- à développer une ligne rapide sur rail entre Athus et Dudelange, desservant toutes les grandes agglomérations, combinée à un réseau régional de transport par bus;*

*- à prendre toutes les initiatives nécessaires à développer ce projet dans un contexte transfrontalier visant ainsi la mise en œuvre d'une nouvelle axe sur rail entre Arlon-Athus, Esch/Alzette, Dudelange vers Saarbrücken;*

*- à réorganiser en étroite collaboration avec les communes concernées le système régional de transport par bus qui circule actuellement dans la région sud du pays, en incluant une coopération avec les régions transfrontalières;*

*- à promouvoir la création d'un groupement de transport public transfrontalier visant la coordination de la gestion des transports en commun dans la région du bassin minier.*

*(s.) Jean Huss, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Renée Wagener.*

6. E leschte Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, just ganz kuerz, well den Interpellant, den Här Zanussi, schonn op déi Saachen agaangen ass, nämlech den Ausbau vun engem attraktive Bustransport am Süden, wou nach munches ze maache bleift a wou jo elo och soll en Aarbechtsgrupp, dee vum Här Grethen agesat gouf, virum Summer nach Léisungen op den Dësch leeën.

   Et gëtt do jo bekanntlech de Problem vun den ënnerschiddleche Bussystemer, dem TICE, dee vun néng Südgemengen opgebaut gouf, an op där anerer Säit d'Privatbusser, déi zu engem gréissten Deel jo awer och vum Stat subventionéiert ginn, an et gëtt jo elo bekanntlech déi Neientwécklung vun de City-Bussen, déi an eisen Aen och finanziell musse mat ënnerstëtzt ginn, wa se an e regionaalt Konzept kënnen agebonne ginn.

   Mir hoffe jiddefalls, datt deen Aarbechtsgrupp an deem Sënn, an och an engem grenziwwerschreidende Sënn, nei Finanzéierungsmodeller op den Dësch wäert leeë fir d'Gemengen dran ze stimuléieren an ze incitéieren, fir wierklech och nach nei a besser Linnen opzemaachen, fir an deem Sënn am Süde vum Land den öffentlechen Transport ze verstäerken.

Ech kommen zur Konklusioun. Dir Dammen an Dir Hären, et ass ganz kloer datt, opgrond vu strukturelle Feeler a Feelentwecklungen an deene leschten 20 bis 30 Joer, ganz grouss Problemer bestinn, Problemer déi evidenterweis net an zwee bis dräi Joer kënne geléist ginn. Mä mir mengen awer, datt och an dëser Legislaturperiod vun der CSV-DP-Regierung zwar munches endlech an d'Planung eraginn ass, mä datt awer leider och net wäert no fënnef Joer ganz konkret ganz vill realiséiert ginn, a mir sinn awer och der Meenung datt dat hei en eminent wichtege Problem ass, net nëmmen am Süde vun eisem Land, an dofir si mir iwwerzeegt datt dat och ee vun den Haaptpunkten an de kommende Méint wäert sinn, wa mer vun Duerf zu Duerf pilgeren, fir mat de Leit iwwert déi kommend Wahlen ze diskutéieren. Merci.

Hei ass nach eng aner Motioun, déi ech och wollt am Kontext vun de City-Bussen iwwerreechen. Merci.

***Motion 11***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que les transports en commun joueront à l'avenir un rôle prépondérant pour atteindre une mobilité élevée tout en assurant une qualité de vie à haut niveau;*

*- considérant que l'attractivité d'un système de transports en commun réside notamment dans la ponctualité de ses services;*

*- considérant que le développement d'un réseau de bus performant au bassin minier est actuellement limité par la saturation du réseau routier et qu'il faut accorder la priorité aux bus par rapport au trafic individuel;*

*- considérant que la réalisation de voies réservées aux bus est un moyen pour pouvoir améliorer la ponctualité des transports collectifs;*

*- considérant qu'un réseau de city-bus répondra au mieux aux besoins de mobilité à l'intérieur des grandes agglomérations;*

*- considérant qu'un système performant de city-bus est à considérer comme un élément important d'un réseau de transport régional;*

*invite le Gouvernement*

*- à établir en étroite collaboration avec les communes un plan sectoriel de voies réservées aux bus pour l'ensemble du territoire;*

*- à instaurer un système d'aide financière pour la mise en œuvre de ce réseau;*

*- à prévoir une aide financière pour les réseaux de city-bus, si ces réseaux s'intègrent dans un concept de transport régional.*

*(s.) Jean Huss, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Renée Wagener.*

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Huss. Als nächste Riedner ass den Här Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Et gëtt elo scho laang vum Verkéiersnoutstand am Süde geschwat a vun der Noutwendegkeet de Schwéierpunkt op den öffentlechen Transport ze leeën. Näischt Wesentleches ass awer geschitt, ausser vläicht e puer neie Busverbindungen an d'Stad. Et gi vill nei Konzepter entwéckelt: Mobilitéit.lu, IVL, Belval-Ouest, awer dee reelle Konzept, dee bestanen huet an deen op deem bestehende Schinnennetz haut scho kéint operativ sinn, de Bus-Tram-Bunn, ass regelrecht vun enger Koalitioun vun engstirnegen Interesse sabotéiert ginn.

Et gi vill nei Konzepter entwéckelt - hunn ech gesot -, awer ech wëll emol e Beispill ufeiere wéi d'Praxis haut ausgesäit. Ier ech an d'Chamber komm sinn, hunn ech dacks den Zuch an d'Stad geholl, haut ass dat a Verbindung mam Mandat, mam Beruff a mat der Kannererzéiung net méi méiglech, ech mengen awer dass sech par rapport zu där Situatioun, déi ech selwer aus der Praxis nach vu virun e puer Méint kennen, näischt wesentlech geännert huet.

***(Interruption)***

Här President, wann een op der Gare tëschent Suessem a Käerjeng géint aacht Auer mueres den Zuch an d'Stad wëll huelen, passéiert Folgendes: Et ass een éischtens emol frou eng Parkplaz op deem Parking ze fannen, deen nei aménagéiert an ausgebaut ginn ass, well den Undrang fir den öffentlechen Transport ze huelen ass grouss. Da kënnt en Zuch, deen huet sage und schreibe zwou Voituren unhänken an natierlech ouni Sëtzplaz, well de Parking zu Péiteng ass och voll besat, den Zuch ass scho voll besat mat Leit déi aus där Richtung kommen, an da steet een an engem Zuch moies um aacht Auer fir an d'Stad ze fueren. Et steet ee wéi d'Hierken an der Tonn an et fillt ee sech do wierklech un d'Schülerbussen aus der Zäit erënnert. Anscheinend huet dat haut nach net geännert, wéi ech jo elo héieren.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Aner Zäiten am Dag awer kënnt en ielelaangen Zuch, wou kee Mënsch dra sëtzt. D'Busse vun der Linn, déi op därselwechter Plaz laanscht d'Gare geet, sinn net un den Horaire vum Zuch ugepasst, esou dass zum Beispill déi Suessemer Leit oder déi Käerjenger Leit net kënne vu Suessem aus mat engem Bus dohinner fuere fir hiren Zuch ze huelen. Ech mengen eng ähnlech Situatioun gëllt och fir aner Gemengen.

Ech wëll nach en anert Beispill nennen, dat ass méi rezent, duerfir sinn ech och sécher, dass et nach ëmmer esou ass. Déi Busse vun deene verschiddene Linne vum TICE, déi sech kräizen, sinn net matenee koordinéiert. Wann een zum Beispill den TICE-Bus zu Suessem wëllt huele fir op Nidderkuer an dann op déi Linn ëmwiessele wëllt, déi vu Péiteng kënnt an déi contrairement zu där éischter Linn net iwwer Zolwer fiert, mä iwwer Uewerkuer a Bieles op Esch, dat kann een zum Beispill maache wann ee wëllt op Uewerkuer an d'Schwemm goen, da muss een zu Nidderkuer eng hallef Stonn waarden. Firwat? Well déi zwee Bussen nom Fahrplan déiselwecht Minutt do ukommen an et ass kee Bus deen op deen anere waart.

***(Interruption)***

Dat si Saachen, déi wieren ouni vill finanziell Mëttelen an ouni groussen organisatoreschen Opwand ze behiewen. Do wier nëmmen e bësse méi Koordinatioun vun de Fahrpläng verlaangt an e puer zousätzlech Voituren. Et wier och keng zweet Schinn vu Péiteng an d'Stad duerfir noutwenneg, fir dat schonn haut ganz séier ze realiséieren. An der Praxis geschitt awer näischt. Et geschitt scho jorelaang näischt. Déi Situatioun dauert scho jorelaang un. Ech wëll selbstverständlech och do déi Regierunge vu virdrun a meng Kriticke mat abezéien.

Et gi grouss Theorien iwwert de Modal split ausgetosch. Déi eng soen et ass mindestens 30% noutwenneg - ech deelen iwwregens och déi Meenung.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Den Transportminister mengt 25% géifen duergoen. Awer déi Interesséiert um öffentlechen Transport an der Praxis all Dag, déi et sat hu moies an der Schlaang ze stoe fir an d'Stad ze fueren - an et grenzt schonn un e Wonner, dass se sech iwwerhaapt ënnert deenen dote Bedingungen an dat Schrottmaterial vun der CFL setze fir ze fueren -, déi musse sech d'Been an de Bauch stoe fir an d'Stad ze kommen, obscho se jo awer gudde Wëlle weisen an och fläisseg de Parking notze bei der Gare fir mam öffentlechen Transport an d'Stad ze fueren.

Et ass och kee Wonner, den Här Haupert huet virdrun dovu geschwat, datt d'Zuel vun den transportéierte Passagéier beim TICE ofgeholl hätt. Dat wonnert mech net ënnert deene Bedingungen, déi ech virdrun hei beschriwwen hunn. Ech si wierklech iwwerzeegt, dass mat e puer wierksamen Aktiounen fir den öffentlechen Transport innerhalb vu kierzester Zäit deem seng Attraktivitéit onerwaart géif zouhuelen, well d'Leit waarde förmlech drop.

Dozou gehéiert awer selbstverständlech och eng Politik vun abordablen Tariffer, zum Beispill wat de Beruffsverkéier ugeet. De Contraire geschitt awer an der Realitéit alt erëm eng Kéier. Oder soll vläicht absichtlech drop gewaart ginn, dass dat fälschlecherweis Liberaliséierung genanntent Opmaache vum öffentlechen Transport fir d'Privatkapitalgesellschaften voll seng legislativ a reglementaresch Raubdéierzänn ausgebilt huet, fir dann d'CFL déloyal konkurrenzéieren ze kënnen? Gëtt dofir zum Beispill alles bei der CFL verfaule gelooss?

De Landesverband op jidde Fall fuerdert d'Regierung op - ech zitéieren hei aus dem Tageblatt vu gëschter -: „Als Aktionär der CFL endlich Position zu beziehen, sich klar für einen einheitlichen und integrierten Eisenbahnerbetrieb auszusprechen, das Personalstatut abzusichern und durch eine Kapitalerhöhung und längerfristige Verträge im öffentlichen Personentransport die Zukunft der Bahngesellschaft abzusichern." Ech kann nëmme mat esou enger Haltung ganz d'accord sinn. Ech ënnerstëtzen duerfir och déi Motiounen 1 an 2 an deem Zesummenhang.

Och de Mouvement écologique ass zënter Joren a Richtung öffentlechen Transport aktiv. Am Dezember 2001 huet hie Grondrëss vun enger neier Verkéierspolitik mat klore Prioritéite fir de Süden entwéckelt. Déi bräichten nëmmen an d'Realitéit ëmgesat ze ginn.

Zum Schluss nach kuerz e Wuert iwwert déi sougenannt Westtangente, déi d'Uertschaft Suessem no der Collectrice du Sud dann definitiv akessele géif, andeem se eent vun deene schéinste Noerhuelungsgebidder vu Suessem, de Mäerzbierg, deen iwwregens Suessem mat der Uertschaft Käerjeng verbënnt, duerchschneide géif. Dobäi muss ee wëssen, dass déi Uertschaft schonn duerch d'Holzfabrik Kronospan an duerch d'Militärlager WSA belaascht ass, déi am Süden an am Osten déi Uertschaft komplett ofrigelen.

Dofir ass dee Projet och aus menger Siicht absolut inakzeptabel. Et kann een nëmmen déi Biergerinitiativ ënnerstëtzen, déi sech dogéint asetzt. Aus där Ursaach stëmmen ech déi Motioun 3 vun der LSAP.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Urbany. Als nächste Riedner ass den Här Fred Sunnen ageschriwwen. Här Sunnen, Dir kritt d'Wuert.

M. Fred Sunnen *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Debatt, déi mer haut féieren, gëtt eis d'Geleeënheet fir iwwer all Aspekter vum Transport am Süden ze schwätzen.

Wa mer d'Regioun Süden an hirer momentaner Entwécklung verfollegen, da wësse mer datt den Transport an de kommende Joren d'Schlësselthema an der politescher Agenda wäert ginn. Doriwwer eraus gëtt d'Debatt iwwert den Transport net nëmme méi an Terme wéi Tracéen, Schinnenausbau a Stroossebau geféiert. Déi heiteg Transportpolitik muss méi wéi jee eng integréiert an eng global Politik sinn, déi sech an de kommende Joren op ekologesch an nohalteg Kritären ausriichte muss. Dofir ass d'Transportpolitik haut enk un eng nohalteg Raumuerdnungspolitik gekoppelt. Déi zwou politesch Iwwerleeunge si complémentaire, an dat ass ëmsou méi wouer am Süden, wou ganz vill Leit a Ballungsgebidder zesumme wunnen. Si liewen an enger Regioun déi um Wee ass eng nei Bestëmmung ze kréien an déi an den nächste Joren en Exempel statuéiere soll, wéi een eng gelonge Rekonversioun vun Industriebrooche ronn kréie kann.

Eng erfollegräich Rekonversioun, wou x-dausend Leit schaffen a liewe sollen - eleng um Belval sollen 20.000 Aarbechtsplazen entstoen -, gëtt och a virun allem un der Tatsaach gemooss, wéi een déi grouss Zuel vu Leit all moies op hir Schaff transportéiert kritt an owes erëm an hir Uertschafte féiert, ouni dass de Verkéier an de Spëtzestonnen zesummebrécht.

Eng Etüd iwwer e Verkéierskonzept fir d'Friche Belval, déi d'Entwécklungsgesellschaft AGORA bei engem Bureau d'études an Optrag ginn huet, weist ganz däitlech, datt et onméiglech ass déi Bewältegung iwwert den Individualverkéier ofzewéckelen. Et ass also kloer, dass ganz héich Ufuerderungen un déi extern an intern Erschléissung vun der Friche gestallt ginn. Well gewosst ass, datt d'Leeschtungsfäegkeet vun der momentaner externer Stroossenubannung begrenzt ass, mussen nei an zousätzlech Zoufahrte gebaut ginn, souwuel bei eis wéi op der franséischer Säit.

Den öffentlechen Transport muss e groussen Deel iwwerhuelen. Ideal, esou gëtt gemengt, wier op Belval e Modal split vu 40/60. Et muss awer och un deen net motoriséierte Verkéier geduecht ginn. Dofir brauch een e leeschtungsfäegen attraktive System vu Foussgänger a Vëlosweeër. Momentan läit den öffentleche Verkéier am Süde mat ongefeier 12,6% ënnert dem Landesduerchschnëtt vu 14%. D'Frontalieren, déi an der Haaptsaach aus dem louthrengesche Beräich kommen, benotze virun allem hire

Privatauto an - den Här Haupert huet et scho gesot -, nëmmen zu 8% den öffentlechen Transport. Ee Grond méi fir d'Rekonversioun vun den Industriebroochen als Chance ze notze fir den öffentlechen Transport ze optiméieren an auszebauen. Et kann een deemno roueg behaapten, dass d'Pläng vum Transportminister fir de Modal split generell op 25% eropzesetzen, fir de Süde besonnesch ambitiéis sinn.

Well d'Zuel vun de Frontaliere stänneg klëmmt, well d'Südgemenge staark wuessen, ass et noutwenneg den öffentlechen Transport, dat heescht den Zuch an de Bus, weider auszebauen, an dat souwuel um Niveau vum regionale Verkéier wéi um Niveau vum iwwerregionalen an internationale Verkéier. Ech denken hei virun allem un d'Verbindung mat der Stad Lëtzebuerg a mat de Grenzregioune vu Frankräich an der Belsch. D'Schinnennetz spillt an dësem Szenario d'Haaptroll. De Bus leescht iwwerall do seng Beiträg, wou keng Schinne bestinn a wou en d'Leit bei den Zuch brénge kann. Well awer eng Partie Awunner - dat ass och schonn zum Deel haut gesot ginn - den Trajet mat hirem eegenen Auto maache mussen, ass et noutwenneg datt d'Parkinge bei de Garen an de groussen Agglomératiounen am Süden ausgebaut ginn.

Wat den Ausbau vum Schinnenéseau ugeet, esou hoffe mer dass déi dräi grouss ugepeilten Optioune fir d'Linne Péiteng-Lëtzebuerg, Lëtzebuerg-Beetebuerg an d'Schafung vun enger neier Linn Esch-Lëtzebuerg déi néideg Friichte brénge wäerten. Parallell dozou soll iwwerpréift ginn, a wéi enger Form dës Projete mat dem Projet, fir d'Stater Gare, de Findel an de Kierchbierg mateneen ze verbannen, an Aklang ze brénge sinn. Mir hu vum Innenminister schonn eng Rei Pisten opgezeechent kritt, wéi d'Frichen un déi bestoend Verkéiersréseauen anzebanne wieren.

D'Etüd vun der AGORA, déi ech virdrun ugeschwat hunn, ass eng Approche déi ee mat de Gemengen duerchdiskutéiere muss fir en optimaalt Resultat ze kréien. Et dierf net zu engem patchworkaartege Konzept kommen.

Wat de Belval ugeet, esou muss an enger éischter Phas den Arrêt Belval-Usines un dat bestoend Schinnennetz ugebonne ginn. Spéider soll jo hei eng performant Gare entstoen, déi Spectateure fir d'Rockhal an den Utopolis-Komplex op de Site brénge soll. Dës Aménagementer solle complétéiert ginn duerch eng Verlängerung an den Zentrum vun der Uertschaft Bieles, fir e Point d'échange ze schafe mat de regionale Buslinnen a fir den Nordweste vum Site ze bedéngen. Dës Verlängerung erlaabt dann, an enger zweeter Phas, mat Hëllef vun engem neien Tunnel, deen och schonn erwähnt ginn ass, well deen alen Tunnel vun der ARBED, dee kann net dénge fir de Persouneverkéier, d'Quartiere Scheierhaff zu Zolwer, Foussbann zu Déifferdeng an d'Uertschaft Uewerkuer un d'Frichen unzebannen.

Wat den internen Trafic an de Frichë selwer ugeet, esou ginn am Moment eng Rei Etüde gemaach. Bis elo sinn zwee Couloiren, Nord-Süd an Ost-West, reservéiert fir den öffentlechen Transport an d'Frichen ze integréieren. D'Gemenge sinn a bleiwen der Meenung, dass een Train-Tram-System dohi gehéiert, och wann dat keng bëlleg Léisung duerstellt. En zousätzleche Schinnestrang ass virgesi fir Rämerech mat Lalleng ze verbannen, soubal sech d'Urbanisatioun an deemno och den Trafic an den ugrenzenden Uertschafte verstäerke wäert. Dat ganzt Konzept gëtt ergänzt duerch Park & Ride- Parkingen, déi direkt widdert der Eisebunn entstoe sollen. Besonnesch wichteg ass de Rondpoint mat entspriechende Parkingen op der franséischer Säit, deen d'Friche Micheline ubanne soll.

Bei dëser Geleeënheet wollt ech den Transportminister froen, a wéi wäit déi Lëtzebuerger Iwwerleeunge mat de franséischen Autoritéiten ofgesprach sinn. Et ass de Gemenge komesch virkomm an dësen Deeg, dass d'Commission d'aménagement vum Intérieur si derzou oprifft d'franséisch Kolleegen ze informéieren, wat sech bei eis deet.

Op déi allgemeng Stroosseféierung am Süden an iwwert déi geplangten Ännerungen, déi jo vun enger Rei Biergerinitiative staark contestéiert ginn, wëll ech eréischt dann agoen, wa mer d'Konklusiounen aus dem IVL hunn. Et bréngt menger Meenung no näischt fir virun de Won ze lafen. Mir solle vill méi gemeinsam kucken, déi Konklusiounen do ëmzesetzen.

Eppes ass awer fir mech kloer: Duerch richteg Informatioun a Sensibiliséierung kënne Virurteeler ofgebaut ginn. Deemno muss den Dialog mam Bierger gesicht gi fir en iwwer all Projeten opzeklären, ouni dass dësen esou wichtegen Dialog a potenziell Sturatzegkeeten an opkeimend Blockadhaltungen ausaarten dierf.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech denken dass dës Interpellatioun vum honorabelen Här Zanussi eis d'Geleeënheet ginn huet fir nei Iwwerleeungen unzestellen, fir Froen opzewerfen, déi eis Äntwerte fir d'Zukunft liwwere mussen.

Et geet bei dësem Thema vun haut och a virun allem ëm d'Liewensqualitéit vun den Awunner aus der Südregioun a vun de Frontalieren, déi Dag fir Dag mat vill Stress e schlechte Start an hiren Aarbechtsdag huelen an owes mat strapazéierten Nerven nees heem kommen.

Wa mer déi Problemer, déi mer léise mussen, net weider virun eis hierdrécke wëllen, musse mer all zesumme Léisunge sichen déi eppes fir d'Leit bréngen, well da kann de Süde säin Image verbesseren an eng Regioun mat Virbildcharakter ginn.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Transportminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt fir d'éischt ëm Är Nosiicht bieden, wann ech net kann op all Interventioun in extenso agoen. Ech hu gesot kritt, meng Riedezäit wier op 20 Minutte begrenzt. Ech erënnere mech, Här President, dass Dir viru kuerzem en Opruff gemaach hutt un d'Deputéierten an un d'Regierung, fir sech un déi Limitatioun vun der Riedezäit ze halen. Ech wäert versichen dat ze maachen.

***(Interruption)***

Ech gesinn net a firwat ech hei soll e Schnellzuch huelen, ech wëll op déi Saachen agoen, déi mir wichteg sinn.

Ech wëll als éischt, Här President, drun erënneren, dass an dëser Regierung, am Géigesaz vläicht zu Regierunge virdrun, d'Regierungsmembere matenee schaffen an net niefteneen, dass mer also eng ganz enk Koordinatioun um Regierungsniveau hunn tëschent deenen eenzelnen Departementer. An déi Attitüd vun dëser Regierung, déi huet sech jo och artikuléiert an engem Dossier wéi dësem, wou de Minister vum Aménagement du territoire, de Kolleeg Michel Wolter, d'Ëmsetzung vum Gesetz vum 21. Mee 1999 mécht - an dat ganz konsequent -, mat senge Mataarbechter a mat senge Kolleegen an der Regierung. Et ass op Basis vun deenen Aarbechten, déi sech konkretiséiere fir d'éischt an engem Programme directeur, duerno a Plans directeurs régionaux, respektiv a Plans directeurs sectoriels oder a Plans d'occupation des sols, wou ee kann eng laangfristeg Politik plangen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Mir hu scho ganz konkret um Beispill vun de Frichë vu Belval-Ouest bewisen, dass do e puer Departementer enk zesumme schaffe fir e Projet weider ze dreiwen, net niefteneë mä matenee fir e kohärent Ganzt ze kréien. Ech wollt dat am Virfeld gesot hunn, fir dem Interpellant ze soen, oder éischter en drun ze erënneren - well hie weess dat esou gutt ewéi ech -, dass d'Gesetz vum 21. Mee 1999 wuel e Plan directeur sectoriel Transports virgesäit, mä esou e Plan sectoriel bezitt sech op d'ganzt Land an net nëmmen op eng Regioun, an et ass jo d'Schwieregkeet, wa mer wëllen an der Kohärenz vum Gesetz vun 1999 iwwert den Aménagement du territoire bleiwen - an ech huelen un, Här President, dass den Interpellant jo wëllt do dra bleiwen, wëll hien huet dat Gesetz mat gedroen -, esou dass mer musse fir d'éischt d'Basis schafen, dat heescht e Programme directeur. An dat Instrument dat mer eis ginn hunn, dat ass jo den IVL, dat integratiivt Verkéiers- a Landesplanungkonzept, wou mer hoffen dass mer spéitstens am September vun dësem Joer déi definitiv Resultater do leien hunn an op dat opbauend, Här President, kënne mer dann e Plan directeur sectoriel ausschaffen.

Dat ass e Plan directeur sectoriel Transports, wou natierlech och eng Composante Süden dran ass, wou mer amgaang sinn drun ze schaffen. Mir waarden net bis dass dat eent fäerdeg ass, fir dann de Virworf gemaach ze kréien, mer géifen alles verschleefen, mä mir wäerten, hoffen ech, wéinstens Enn dëses Joers kënnen dee Plan directeur virstelle mat senger Composante Süden, esou dass et mer haut schwéier ass, Här President, op d'Interpellatioun esou anzegoe wéi dat vläicht gewënscht wier, well ech géif jo dann Abstraktioun maache vun all deene Viraarbechten, déi amgaang si gemaach ze ginn, an ech géif mech dem Reproche aussetzen: Firwat maacht Der esou deier Etüden, wann Der elo scho soe kommt, wat Der wëllt maachen? Ech hu wuel Vuen a wat fir eng Richtung ee ka goen, mä ech kann awer haut net schonn deene Saache virgräifen.

Ech wollt ganz kuerz, Här President, well den Interpellant dat och hei ugesprach huet, op de Klimaschutz agoen. Et ass jo esou dass d'Europäesch Unioun zu Kyoto en Engagement agaangen ass fir eng Reduktioun vun den $CO_2$-Wäerter an Europa an eisem Raum ze maachen. Am Kader, wann ech dat däerf esou nennen, vun deem europäesche Burden sharing huet en Ëmweltminister, deen der LSAP ugehéiert huet, an dee keen een anere Member an der Regierung gefrot huet, geschweigs de Regierungsrot consultéiert huet, unilatéralement décidéiert a sech engagéiert fir d'Lëtzebuerger Land fir 28% Reduktioun vun den $CO_2$-Wäerter. Hätt deeselwechten Ëmweltminister op europäeschem Plang gesot 10%, hätten all déi aner Länner an der Europäescher Unioun dat akzeptéiert, mä en LSAP-Ëmweltminister huet fir Lëtzebuerg d'Engagement geholl, ëm 28% ze reduzéieren.

***(Interruption)***

A wann den Interpellant heihinner kënnt fir dann ze soen, duerch den öffentlechen Transport oder duerch den Transport kënnte mer dat Zil net erreechen, da muss ee wëssen dass sämtlech Litere Bensin, déi hei zu Lëtzebuerg verkaaft ginn, an déi zu zwee Drëttel am Ausland verfuer ginn, op d'Lëtzebuerger Rechnung geschriwwe ginn. A mir kënnen dat ambitiéist Zil, wat a mengen Aen zwar en irrealistescht Zil ass, erreechen, wa mer muer, wéi eenzelner dat jo wënschen, déiselwecht Bensins- an Dieselspräisser hei zu Lëtzebuerg afëiere wéi an eisen Nopeschlänner, mat alle Konsequenzen déi dat fir de Statsbudget huet, dann erreeche mir dat Zil quasi an enger Fautelle. Mä et muss een dann awer wësse wat ee wëllt. Et muss ee wëssen iwwer wat ee schwätzt, an déi Leit, déi jo vernetzt denken an esou oft reklaméieren, musse sech dat dann och agestoen.

An dann eppes Drëttes wat ech wollt soen, Här President: Den Interpellant huet hei monéiert, den Transportminister hätt eenzelne Bureaux d'études oder engem Bureau d'études verbueden him Informatiounen ze ginn. Dat ass net richteg. Mä ech hunn de Bureau d'études gesot, dass si eng Deontologie hätten an dass ech géif erwaarden, dass si sech géifen un déi Deontologie halen. An ech gesinn net an, wann d'Regierung oder den Transportminister en Optrag un e Bureau d'études gëtt, dass dann eng Privatpersoun, sief en esouguer Deputéierten, d'Recht hätt sech bei dee Bureau d'études informéieren ze goen, wat mir amgaange sinn do an Optrag ze ginn.

Ech froe mech wat de Buergermeeschter vun der Gemeng Diddeleng géif soen, wann e Bierger vun der Gemeng Diddeleng géif bei e Bureau d'études goen a soen, sot mir elo wat Dir amgaange sidd fir den Diddelenger Schäfferot do ze studéieren. Da géif ech awer emol gär gesinn, wat da géif lassgoen.

An, Här President, ech félicitéiere mech iwwert déi richteg Reaktioun vun deem Bureau d'études. Wann en Deputéierten, Här President, an ech huelen Iech à témoin, eng Fro huet, da sinn ech nach all Kéier an d'Chamber komm fir do Ried an Äntwert ze stoen. Mä ech géif net akzeptéieren, Här President, dass e Bureau d'études géif engem Deputéierten oder iergend engem aneren, well dat ka jo dann och eng Organisatioun aus der sougenannter Société civile sinn oder esou eng Bewegung, dass déi da géif do Informatioune kréien. Här President, dat kënnt ech net akzeptéieren an dat akzeptéieren ech och net esoulaang wéi ech Transportminister sinn. Dir kënnt dovunner hale wat Der wëllt, dat huet näischt mat Dialog ze dinn. Dat huet näischt mat Transparenz ze dinn. Dat huet just eppes mat Deontologie ze dinn a mat gesondem Mënscheverstand.

Ech wollt dann, Här President, awer op eenzel Froen agoen an hei drun erënneren, dass dës Regierung d'Ambitioun huet, d'Zil huet, e Modal split vu 25/75 ze erreechen. E Modal split, Här President - däerf ech drun erënneren -, deen op enger Plaz am Land schonn erreecht ass. Dat ass an der Stad Lëtzebuerg. D'Stad Lëtzebuerg, déi kolossal Efforte mécht fir den öffentlechen Transport vun de Bierger vun der Stad Lëtzebuerg, déi iwwer 25 Milliounen Euro pro Joer ausgëtt fir den öffentlechen Transport, an dat net nëmme fir d'Bierger aus der Stad Lëtzebuerg, mä fir d'Bierger aus dem ganze Land, an ech géif mech félicitéiere wann aner Gemengen, deenen hir Vertrieder hei op d'Tribün kommen a permanent Verbesserunge vum öffentlechen Transport reklaméieren, géife fir hir Gemeng deeselwechten Effort maachen, dann hätte mer an anere Géigenden an dann hätte mer besonnesch am Süden héchstwahrscheinlech e méi performanten, besseren öffentlechen Transport. Mä et ass jo méi einfach hei et ze fuerderen an doheem näischt ze maachen. Hei Waasser ze priedegen an doheem Wäin ze drénken, dat ass vill méi einfach.

***(Interruptions diverses)***

Ech wëll just soen, Här President, d'Stad Lëtzebuerg huet Moyenen, aner Gemenge kënnten och hir Moyenen esou asetze wéi d'Stad Lëtzebuerg dat mécht, mä d'Stad Lëtzebuerg kritt jo vun all deenen aneren, wéi soll ech soen, permanent e Procès d'intention gemaach wéinst enger kohärenter Politik, déi si duerchsetzt.

Mir op alle Fall an der Regierung hätte gären e Modal split 25/75, wéi en an der Stad Lëtzebuerg, mat Ausnahm vun engem Quartier, dat ass de Kierchbierg, elo schonn d'Regel ass, an dofir hu mer jo och do eng Rei Initiative geholl. Wann een dat Zil gären erreecht, da muss een natierlech, Här President, och eng kohärent Politik maachen. Da muss ee sech och bewosst sinn, dass een zum Beispill an der Gestioun vum Parkraum muss nei Weeër goen. Da muss ee sech bewosst sinn, dass ee coercitive Mesuren heiansdo muss huele fir de Client op den öffentlechen Transport ze kréien. An da muss ee wëssen, Här President, dass en integréierten Transportsystem net e Géinteneen ass, mä dat ass e Matenee vun deene verschiddenen Transportmodussen. Dat ass e Mateneen an et ass dat Matenee wat mir wëlle förderen.

An, Här President, mir hunn eng ganz Rei vun Initiative geholl fir den öffentlechen Transport méi attraktiv ze maachen. Ech wëll Iech elo net, well dat dat Kuerzfristegst war a well et och dat war wat direkt méiglech war, d'Zuel vun all deenen neien Autobusslinnen, déi mer agefouert hunn, hei oplëschten. Ech wëll Iech och net soe wat fir eng Linne mer deedoubléiert hunn, mä ech wëll, well d'Interpellatioun jo och haaptsächlech iwwert d'Eisebunn gaangen ass, och wann dat net esou annoncéiert war, Iech emol soen, mat wat fir enge Problemer een do konfrontéiert ass.

Dës Regierung, dat weess jo jiddereen, ass de 7. August 1999 vereedegt ginn. An dës Regierung huet, wat den Transportsecteur ugaangen ass, däerf ech dat esou ausdrécken, eidel Tiräng virfonnt.

***(Interruptions diverses)***

Jo, Dir hutt Äntwerten, mä Dir hutt kee Bewäis. Ech wëll Iech just soen, dass dës Regierung d'Eisebunn beoptraagt huet den 13. November 2000, dat ass nozeliesen, mat der franséischer Eisebunn zesummen, niewent deenen néng Gefierer fir d'Lorraine, 12 elektresch Automotrices-tricaisses à deux niveaux du type TER, train régional, 2 MNG ze bestellen.

Ech sinn dowéinst vun der europäescher Kommissioun mam Ouer geholl ginn, well nämlech dat déi eenzeg Method war déi ech gesinn hu fir méiglechst schnell u Material ze kommen. Ech hu mam President vun der Région lorraine, dem Här Gérard Longuet, ausgehandelt, dass an hirer Commande déi Lëtzebuerger géife virgeholl ginn. Well hätte mer missen 2000 frësch bestellen, hätte mer eis net kënnen un hir Commande unhänken, da géife mer 2007 oder 2008 d'Material ausgeliwwert kréien. Elo kréie mer et tëschent 2004 an 2006 ausgeliwwert. Ech kann net dofir, Här President, wann um europäesche Marché, um Weltmarché vun Eisebunnsmaterial kee Material zur Verfügung steet. Et ass keent ze fannen. Et gëtt sur mesure, sur commande gemaach. D'Délais de livraison leien tëschent fënnef a siwe Joer.

D'europäesch Kommissioun huet mech attackéiert, well ech mech un de franséische Marché ugehaangen hunn, huet gesot ech hätt d'europäesch Regelen iwwert d'Marchés publics net respektéiert. Ech hunn därselwechter Kommissioun zréckgeschriwwen an hu gefrot, wéi dann déi Attitüd an Zesummenhang ze brénge wier mat der Fro vun der Interopérabilitéit tëschent verschiddene Réseauen an ech hu schliesslech geäntwert kritt, da wier et ausnahmsweis an der Rei.

Mir sinn, Här President, amgaang eng offensiv Politik ze maache fir Material fir den öffentlechen Transport ze kafen, wat e Käschtepunkt wäert hu vun annähernd 800 Mil-

liounen Euro, déi mussen och nach opbruecht ginn. A maache mer eis do keng Illusiounen, et ass de Lëtzebuerger Steierzueler deen déi muss bezuelen, mat senge Suen. An 800 Milliounen Euro huet d'Lëtzebuerger Eisebunn net. A mir hunn och haut nach net am Plan de financement pluriannuel d'Integralitéit vun de Moyene fir dat ze maachen, fir déi 12, fir déi 85 Voituren ze kafen, déi elo récemment de 27. Januar vun dësem Joer de Conseil d'administration vun der CFL bestallt huet, fir déi 15 Trains-Tram ze bezuelen, wou d'Bestellung elo geschwënn erausgeet, an déi Optioun op déi 25 aner Trains-Tram supplémentaires.

All dat Material muss bezuelt ginn. All dat Material dauert awer schrecklech laang bis mer et geliwwert kréien. Et ass net esou wéi wann een an e Garage geet an et géif ee sech en Auto kafe goen. Beim Eisebunnsmaterial si mer an engem ganz anere Film.

An da wëll ech hei, Här President, ënnersträichen op dëser Tribün, dass fir dës Regierung am öffentlechen Transport d'Eisebunn d'Epine dorsale vum System ass. Mir kënnen am öffentleche Persounentransport net op d'Eisebunn verzichten. Mir brauchen eng performant Eisebunn. An dofir si mer och amgaang ganz vill Efforten ze maachen.

Dës Chamber huet jo schonn am Juli 2000 e Gesetz gestëmmt fir d'Moderniséierung vun der Infrastructure ferroviaire. Do war zum Beispill eppes dra wat den Interpellant monéiert huet, de Centre de maintenance. Deen ass an deem Gesetz dran. Déi Zuelen, déi do dra stinn, sinn déi Zuelen, déi ech vun der Eisebunn geliwwert kritt hunn an déi ech un d'Chamber weiderginn hunn. Et stellt sech elo eraus, dass déi Zuelen net richteg sinn. Et stellt sech elo eraus, dass mer mussen dee Projet de loi nobesseren.

Ech si jo schonn e puermol heihinner komm fir mussen Nobesserungen um Gesetz vum Juli 2000 virzehuelen. Dat mécht mir kee Spaass. Et wäert jo kee mengen, dass ech en Intérêt dru gehat hätt am Juli 2000 mat Zuelen ze kommen, déi net richteg sinn an déi sech elo erausstellen, dass se net realistesch sinn. Mengt Der et géif mir Spaass maachen, wann ech konfrontéiert si mat der Moderniséierung an dem Ausbau vun der Linn Kautebach-Wolz, wou elo de Käschtepunkt an d'Géigend vun 30 Milliounen Euro geet, ouni dass ech eng Base légale hat?

Et hat kee vun der Eisebunn dru geduecht, dass mer ee Gesetz hätten, dass mer eng Verfassung hätten, wou géif dra stoen dass mer fir all Projet, dee méi wéi 7,5 Milliounen Euro kascht, eng Base légale bräichten. A wann dann d'Leit sech wonneren dass de Projet gestoppt ass, mä dann ass dat aus Respekt virun der Chamber an aus Respekt virun der Verfassung. An ech sinn Demandeur, dass mer déi Projeten esou séier ewéi méiglech stëmmen, fir dass mer do weider kommen. Mä et däerf ee sech awer och kengen Illusiounen higinn, déi ganz Projete kaschten 2,2 Milliarden Euro, an dat iwwer 15 oder 20 Joer.

A wa mer haut eréischt do sti wou mer stinn, dann ass dat net well ech net wëll, dann ass et net well dës Chamber net wëll, mä dann ass et well keng Projete fäerdeg sinn, dann ass et well keng Viraarbeche gemaach waren. A wann een haut kënnt a mir verzielt wat een alles Wëlles gehat hätt, da muss ech soen, Här President, also ech moosse ganz gären no fënnef Joer mäi Bilan mat deene vu mengen dräi Virgänger virdrun, ech moossen dee ganz gären, millimeter genau kënne mir moosse goe wat deemools pro Regierungsperiod gemaach ginn ass a wat dës Kéier gemaach ginn ass, an der Theorie an an der Praxis, do hunn ech absolut kee Problem fir dee Bilan duerchzestoen an Dir wäert mech kenne léieren, ech wäert och duerch d'Land goe fir dee Bilan ze verkafen.

Dës Majoritéit brauch sech op alle Fall wéinst hiren Aktiounen am öffentlechen Transport absolut net ze schummen. Mir hunn hei en äusserst positive Bilan. Mir hunn eng Rei Projeten déi mer wëlle realiséieren, dat geet vun der Verbesserung vun der Linn Lëtzebuerg-Beetebuerg, à court terme, mam Triangle Fenteng a mat engem Raccourcissement vun de Blockofstänn iwwer en Neibau vun der Streck zwëschent Houwald a Beetebuerg, wat awer net meng éischt Prioritéit ass, am Géigesaz vun deem wat anerer vläicht mengen.

Meng éischt Prioritéit am Moment ass den Nordausgang vun der Gare Lëtzebuerg. Meng zweet Prioritéit ass den Dédoublement vun de Gleisen zwëschent Péiteng a Lëtzebuerg. Meng drëtt Prioritéit ass dann an der Gare Lëtzebuerg selwer d'Viraussetzungen ze schafen, dass deen ambitéise Schinneprogramm iwwerhaapt duerchsetzbar ass. Duerno ass et de Bau vun der Schinneverbannung zwëschent der Gare Lëtzebuerg an dem Kierchbierg, dee geet nun eemol iwwert de Findel, och wann dat Eenzelnen net gefält. Et huet awer guer näischt mam Findel ze dinn. Et ass da selbstverständlech och de Bau vun enger Streck zwëschent Esch a Lëtzebuerg mat all deenen Aménagementer, déi mer un der Périphérie vun der Stad Lëtzebuerg musse maachen, fir de Client schonn do kënnen entgéint ze huelen, fir em ze évitéieren Aller-Retoure mussen ze maachen, déi onnéideg sinn.

An ech wëll hei ënnersträichen, Här President, dass, egal a wat fir engem Szenario fir de Kierchbierg mer eis befannen, 85% vun de Clienten, déi un d'Schinnennetz ugebonnen si kënnen, ouni ëmzesteigen, aus egal wat fir enger Géigend vum Land op de Kierchbierg kommen, a mir wäerte jo nach an dëser Chamber in extenso drop zréckkommen, wa mer de Projet hei an dëser Chamber wäerten diskutéieren.

Ech wëll dann als lescht, Här President, well meng Riedezäit scho quasi ofgelaf ass, soen, dass mer fir Belval-West/Ouest e ganz ambitéise Programm hunn. Mä awer net nëmmen en ambitéise Programm, mä awer och e realistesche Programm, dee mat de finanzielle Méiglechkeete vum Stat am Aklang ass an dee mer och wäerte ganz enk mat deene betraffene Gemengen ofschwätzen. An déi Projeten, déi Engagementer, déi mer elo scho geholl hunn, déi wäerten och realiséiert ginn, dat ganz besonnesch wat d'Schinn ugeet, mä dat, wat och ganz sécher ass, ass dass et sech an dëser Situatioun net rechent fir d'Tramverbindungen duerch dee Site ze féieren.

Här President, dann zu de Motiounen. Do géif ech d'Chamber biede sämtlech Motiounen ofzeleenen.

Une voix.- Oh!

Une autre voix.- Très bien.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- D'Motioun Nummer 1 ass superfétatoire. Fir dës Regierung ass de Réseau ferroviaire de Réckstrank vum öffentlechen Transport. Mir bewegen eis awer an engem europäesche Kader, d'Material ass bestallt, respektiv a Bestellung, an de Centre de maintenance war schonn am Gesetz vum Juli 2000 virgesinn.

D'Motioun Nummer 2. Ech kéint elo hei laang op déi Deklaratiounen agoen, déi d'LSAP am Virfeld vun de Gemengewahlen 1999 an der Stad Lëtzebuerg ofgeschloss huet. Ech ka mech nach erënneren, et kléngt mer iergendwéi an den Oueren, wéi wann den deemolege Spëtzekandidat dovunner geschwat hätt, dass en Zuch duerch d'Stad fir d'Stater LSAP op alle Fall keng helleg Kou wier. Si hunn do de Bierger ze verstoe ginn, dass se bei deem Projet, dee se haten, kal Féiss kritt hunn, an ech mengen et war am Lëtzebuerger Land, wou deemools an engem Artikel gestanen huet, de Spëtzekandidat géif an där Fro e Spagat maachen. Ech wëll net méi op déi onsäglech Geschicht vum BTB zréckkommen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Ech fannen, Här Minister, wann Dir dat do…

***(Interruption)***

… da loosst eis och ganz sinn. Da schwätzt net am Numm vun engem deen heibanne sëtzt. Ech kann lech soen, dass ech gesot hunn, d'helleg Kou ass fir mech net d'Nei Avenue an et hätt een och kënnen ënnerierdeg fueren an de Projet esou realiséieren, wéi e virgesi war, mä dann eben net iwwerierdeg duerch d'Nei Avenue. Dat war d'helleg Kou. Da gitt wann ech gelift déi Sätz richteg erëm. A wat fir eng Interpretatioun d'Lëtzebuerger Land a menge Propose mécht: Frot mech vläicht selwer, da gitt Dir méi gewuer!

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- Ech weess op alle Fall, dass de Bierger vun der Stad Lëtzebuerg iwwer Är Wackelpuddingsattitüd seng Meenung hat. Op alle Fall géif ech d'Chamber invitéiere fir d'Motioun 2 ofzeleenen. Datselwecht gëllt fir d'Motioun Nummer 3. D'Madame Hennicot huet itérativement gesot, dass se mat kengem neie grousse Stroossebauprojet géif kommen, dies d'Etüden iwwert den IVL wieren ofgeschloss. Ech wollt dat einfach rappeléieren, déi dräi Motioune vun der LSAP sinn ofzeleenen.

Datselwecht fir d'Motioun Nummer 4 vum ADR. Mir maache ganz grouss Efforte fir d'Frontalieren op den öffentlechen Transport ze kréien. Mir brauche keng Invitatioun fir dat nach eng Kéier ze maachen. D'Motioun Nummer 5, an dat fir eis dovunner ze distanzéieren, dass eventuell kéint an d'A gefaasst ginn, bei de Park & Riden eng Taxe ze froen, ass an där Form net akzeptabel. An ech mengen et war den Här Haupert, deen d'Suggestioun gemaach huet, dass een d'Utilisatioun vu Park & Ridë soll un d'Utilisatioun vum öffentlechen Transport bannen. Dat ass eng Iddi déi et wierklech derwäert ass creuséiert ze ginn, an dat ass jo och schonn amgaange gemaach ze ginn. Datselwecht gëllt fir d'Motioun Nummer 6, wou proposéiert gëtt fir elo scho Stellung zum Stroossebau ze huelen, éier d'IVL-Resultater eraus sinn. Ech mengen dass et net de Moment wier, fir esou eng Motioun unzehuelen.

D'Motioun Nummer 7, d'Gratuitéit vum öffentlechen Transport, on rase gratis. Et freet ee sech net, wien d'Kou muss fidderen, déi vun deene Leit gestrach gëtt. Här President, wann een dat zum Beispill géif maachen - dat kéint ech elo laang ausféieren -, da misst een och Modifikatiounen an eiser Fiscalitéit virhuelen. Well mir hu jo, wat den öffentlechen Transport ugeet, dee performantste Fiscalsystem, deen et an Europa gëtt. Kilometer ofhängeg léisst dës Regierung jo jiddferengem Abattementen zou, onbehellegt deem, wat den öffentlechen Transport kascht. Wann een dann also den öffentlechen Transport géif gratis maachen, misst een eventuell och déi Dispositioun ofschafen.

***(Interruption)***

Fir d'Motioun Nummer 8 verweisen ech och un den IVL. D'selwecht wéi fir d'Motioun Nummer 9. All déi Saache si verfréit. Wat d'Motioun Nummer 10 vum Här Huss ugeet, géif ech och bieden d'Nummer 10 ofzeleenen, well bei där Motioun ginn op där enger Säit beim éischte Saz vum Dispositif - mir maachen ee globalt Konzept fir d'Mobilitéit am Süden - offen Dieren agerannt, mä awer Fuerderungen opzestellen, wéi eng schnell Schinneverbindung zwëschen Athus an Diddeleng ze realiséieren, fir eng Eisebunn no Saarbrécken ze bauen, dat sprengt all budgétaire Méiglechkeeten, déi mir am Moment an op Bléck op déi nächst 20 Joer hunn. D'Motioun Nummer 11: Do sinn ech schonn drop agaangen an hunn drun erënnert, wat fir eng Efforten d'Stad Lëtzebuerg mécht a wéi schlecht et an anere Géigende vum Land bestallt ass. Esou eng Motioun soll ee fir d'éischt mol bei sech doheem um Terrain ufänken an net d'Regierung invitéieren.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Bodry freet nach d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, ech froe Parole après ministre. Ganz kuerz, Här President. Ech kann awer eng Ausso, déi de Minister hei gemaach huet, net einfach esou am Raum stoe loossen, well et net fir d'éischt ass wou hie se mécht. Och wann een eng Ausso, déi falsch ass, méi oft mécht, esou gëtt se doduerjer awer net méi richteg, Här Minister. Ech wëll dann hei ausdrécklech d'Positioun vum Här Goerens verteidegen. Anscheinend ass keen aneren am Stand dat ze maachen.

Et geet hei ëm d'Engagementer, déi déi viregt Regierung geholl huet an déi dës Regierung ausdrécklech iwwerholl huet, wat d'Engagementer vu Lëtzebuerg am Klimaschutz ugeet.

Une voix.- Très bien.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech wëll hei nach eng Kéier betounen, dass dat Engagement vu minus 28% fir d'Joer 2010 par rapport zu 1990 op enger eestëmmeger Motioun vun dëser Chamber fousst, an ech hunn an de Procès-verbaux net gelies, dass den Här Grethen sech sengerzäit als Deputéierten dogéint ausgeschwat hätt.

Déi Motioun ass eestëmmeg ausgefall. Den Här Lahure huet virun der Kyoto-Konferenz gréng Luucht kritt fir mat minus 30% en Engagement fir Lëtzebuerg ze huelen. Da fannen ech et schonn e staarkt Stéck, dass hei e Minister - widder bessert Wëssen - well hie misst sech jo nach drun erënneren, well hie war sengerzäit Fraktiounschef vun der Demokratescher Partei - erëm eng Kéier hei virun der Chamber, virum Land Onwourechten an d'Welt setzt, wéi wann dat Engagement do en Hirngespinst vun engem Minister gewiescht wär. Hien huet den Här Lahure an deem Zesummenhang op engem DP-Kongress mam Pol Pott verglach.

Ech soen nach eng Kéier: Dat ass falsch! De Minister Grethen gëtt net midd dat erëm eng Kéier ze widderhuelen. Et ass och falsch hei ze behaapten dass, wa Lëtzebuerg minus 10% verlaangt hätt, dann hätt et minus 10% kritt. Et ass nun emol eben esou, dass Lëtzebuerg pro Kapp bei Wäitem dat Land ass, wat déi gréissten $CO_2$-Emissiounen 1990 hat, wat den Ausgangspunkt ass vun deenen Erhiewungen, déi d'Kommissioun gemaach huet.

Et ass och e Fait, dass Lëtzebuerg haut bei minus 31% läit, also eigentlech scho méi realiséiert huet wéi déi minus 28%, esou dass sengerzäit all Memberstat an der Kommissioun, mat där ech notamment diskutéiert hunn, opgefall ass, dass déi minus 28%, déi schlussendlech festgeschriwwe gi sinn, fir Lëtzebuerg eigentlech e Stabilisatiounszil duergestallt huet an net e Reduzéierungszil. Eleng d'Restrukturéierung vun eiser Stolindustrie, déi zënter 1990 sech voll an de Bilane bemierkbar gemaach huet, huet eng Reduktioun vu praktesch 30% an deem Ganze bruecht, esou dass dat Engagement politesch richteg war an haut nach ass.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Zanussi als Interpellant huet nach d'Wuert.

M. Marc Zanussi *(LSAP), interpellateur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech deelen d'Aschätzung vum Minister Grethen net, wann hie seet dass et an engem lafende Prozess net de Moment wier fir Elementer aus dem Plan sectoriel Süden ze kommentéieren. Ech wëll just drun erënneren, an ech hunn dat an der Interpellatioun gemaach, dass aner Ministeren aus senger Regierung awer dozou Aussoe gemaach hunn a Projeten an d'Welt gesat hunn, déi wuel eppes mam Transport am Süden ze dinn hunn. Vun dohier kann ech vun der Approche hier seng Aschätzung doriwwer net deelen.

Wann dann hei iwwert de Bilan geschwat gëtt an dovunner geschwat gëtt dass dës Regierung e Bilan virzeweisen huet, dee mat deenen aneren duerchaus ze vergläichen ass, da wëll ech just nach eng Kéier drun erënneren, dass, wa vun engem Modal split geschwat gëtt vu 25%, ech einfach hei behaapten, dass mat deene Konzepter, esou wéi se vum Här Schummer virdru virgedroe gi sinn, déi dës Regierung virleet mat Mobilitéit.lu a mat deem Projet vum Kierchbierg, dee Modal split zu 25% landeswäit ni kann erreecht ginn.

Iwwert dat Konzept, dat do virläit, ass hei an der Chamber nach ni driwwer diskutéiert ginn, an et huet och an dëser Interpellatioun weder ee vun der CSV nach ee vun deenen anere Parteie sech positiv zu deem Konzept ausgeschwat. Duerfir gëtt et effektiv eng grondleeënd Differenz tëschent der Majoritéit an der Oppositioun, elo emol den ADR ausgeklammert, iwwert d'Konzeptioun vun deem zukünftegen öffentlechen Transport fir Lëtzebuerg.

A wa gemengt gëtt, dass de BTB-Projet oder d'Ubannung vun dem Stadzentrum un d'Schinn en alen Hutt ass, da leien déi alleguerte falsch. D'Realitéit wäert weisen, dass dat dat Eenzegt ass, wat de Verkéiersproblem hei zu Lëtzebuerg wäert kënnen einegermoosse léisen.

Dann zum Bilan. An engem Joer oder 15 Méint si Wahlen, Här Transportminister. Ech behaapten haut an hei, dass zum Wahldag kee vun deene Projeten am Usaz realiséiert ass an, bei all deem wat Der elo gesot hutt, dass et an der Theorie vläicht richteg ass, dass Projeten a faarweg Broschüren do leien, et Iech net gelénge wäert bis zum Wahldag nëmmen 1% Modal split zousätzlech fir den öffentlechen Transport ze erreechen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zum Vote iwwert d'Motiounen.

***Motion 1***

Mir kommen zur Motioun 1. Dir hutt se virun Iech leien. D'Regierung huet Stellung dozou geholl. Kënne mir par main levée ofstëmmen?

Plusieurs voix.- Neen.

M. le Président.- E Vote électronique ass verlaangt.

Une voix.- Et muss ee jo heiansdo d'Leit drun erënneren, Här President.

M. le Président.- Jo, et dauert e bësse méi laang, mä et kënnt op d'selwecht eraus.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 32 Nee-, 19 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jean Asselborn), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Ady Jung), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. John Schummer), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Théo Stendebach), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Da komme mer zur Motioun 2.

***Motion 2***

Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 2.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass verworf mat 40 Nee- an 19 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean Asselborn), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Ady Jung), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Niki Bettendorf), Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Serge Urbany.*

Da kéime mer zur Motioun 3.

***Motion 3***

Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 3.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

Ech kréien elo grad matgedeelt, dass en techneschen Defekt während dem Vote agetratt ass. De Vote vun der Motioun 3 gëtt nom Vote vun der 11. Motioun widderholl.

Mir kommen elo zur Motioun 4. Dat ass déi vum Här Gibéryen.

***Motion 4***

Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 4.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 4 ass verworf mat 33 Nee- a 25 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jean Asselborn), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Ady Jung) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Niki Bettendorf), Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Serge Urbany.*

Da kéime mer zur Motioun 5.

***Motion 5***

D'Ofstëmmen iwwert d'Motioun 5 fänkt un.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 5 ass verworf mat 39 Nee- an 21 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Zanussi), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Da komme mer zur Motioun 6.

***Motion 6***

Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 6.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 6 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 6 ass mat 32 Nee-Stëmme géint 22 Jo-Stëmmen a 6 Enthalunge verworf.

*Ont voté oui: M. Jean-Paul Rippinger;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Zanussi), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Mir maachen de Vote vun der Motioun 7, déi och vum Här Gibéryen abruecht ginn ass.

***Motion 7***

Mir stëmmen iwwert d'Motioun 7 of.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 7 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 7 ass mat 37 Nee- géint 8 Jo-Stëmmen an 13 Enthalunge verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Lucien Lux), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

Mir maachen de Vote vun der Motioun 8, déi och vum Här Gibéryen abruecht ginn ass.

***Motion 8***

Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 8.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 8 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 8 ass mat 40 Nee- géint 7 Jo-Stëmmen an 13 Enthalunge verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia (par M. Lucien Lux), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

Mir maachen de Vote vun der Motioun 9, déi och vum Här Gibéryen abruecht ginn ass.

***Motion 9***

Mir maachen elo de Vote vun der Motioun 9.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 9 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 9 ass mat 34 Nee- géint 25 Jo-Stëmme verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Zanussi), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Marco Schroell), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Mir kommen zu der Motioun 10, déi vum Här Huss abruecht ginn ass.

***Motion 10***

Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 10.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 10 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 10 ass mat 34 Nee-géint 19 Jo-Stëmmen a 7 Enthalunge verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Zanussi), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes) Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Mir maachen de Vote vun der Motioun 11, déi vum Här Huss abruecht ginn ass.

***Motion 11***

Mir stëmmen also iwwert d'Motioun 11 of.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 11 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 11 ass mat 33 Nee-géint 26 Jo-Stëmme verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Jeannot Belling), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Well beim Vote vun der Motioun 3 en technesche Defekt virkomm war, widderhuele mer dee Vote elo.

***Motion 3***

Mir stëmmen also nach eng Kéier iwwert d'Motioun 3 vum Här Zanussi of.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 3 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 3 ass mat 41 Nee- géint 19 Jo-Stëmme verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Zanussi), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Dee Punkt ass elo ofgeschloss a mir kommen zum Punkt 5 vun eisem Ordre du jour.

## 5. Nomination d'un commissaire aux comptes pour la Société Nationale de Crédit et d'Investissement

Mir si mat der Ernennung vun engem Commissaire aux comptes fir d'SNCI befaasst, esou wéi den Artikel 17 vum Gesetz vum 2. August 1977 iwwert d'Schafe vun enger Société nationale de crédit et d'investissement an hiren Artikelen 132 bis 145 vum Chambersreglement dat virgesäit. D'Kandidatelëscht ass lech per Bréif vum 28. Februar zoukomme gelooss ginn.

Laut Artikel 140 vum Chambersreglement gëtt de Commissaire aux comptes fir dräi Joer genannt a seng Nominatioun kann erneiert ginn. Den Artikel 138 vum Chambersreglement gesäit vir, dass d'Nominatioun vum Commissaire aux comptes duerch eng absolut Majoritéit erfollegt. Déi ongülteg an déi blank Ziedelen, déi zielen net. Vum drëtten Tour u geet déi relativ Majoritéit duer. Hei huelen nëmmen déi zwee Kandidaten deel, déi an dem Tour virdrun déi meeschte Stëmme kritt hunn. Bei Stëmmegläichheet kënnt et zu engem zousätzlechen Tour. Op engem gëltegen Ziedel däerf nëmmen een eenzegen Numm ugezeechent ginn a soss näischt anescht. De Stempel vun der Chamber muss um Stëmmziedel sinn. Am Chambersreglement gëtt de Vote par procuration net ernimmt, et gëtt also nëmme perséinlech gestëmmt.

Ech géif bieden d'Stëmmziedelen auszedeelen.

***Vote***

Den Appel nominal gëtt gemaach fir d'Stëmmziedelen erëm anzesammelen.

***(Appel nominal)***

***(Brouhaha général)***

Et sinn néng Deputéiert, déi net mat gestëmmt hunn. Hutt Dir all gestëmmt?

Plusieurs voix.- Jo.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Wahlgeschäft ass ofgeschloss.

Et hu sech 51 Deputéiert dru bedeelegt. Déi absolutt Majoritéit - et ass e Blanken dobäi - läit bei 26 Stëmmen. Den Här Raymond Schadeck huet 48 Stëmme kritt, den Här Georges Kioes huet eng Stëmm kritt an den Här Philippe Slendzak huet och eng Stëmm kritt. Domat ass kloer, dass den Här Raymond Schadeck gewielt ass als neie Commissaire aux comptes vun der SNCI.

Domadder wiere mer um Enn vum Ordre du jour vun haut de Moien ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtten um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 12.07 heures)***



## Ordre du jour

1. Communication
2. 4934 - Débat d'orientation sur la médecine palliative, l'acharnement thérapeutique et l'euthanasie

   *(Rapport de la Commission spéciale "Ethique" - Discussion générale - Motions et Résolution - Votes)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et Carlo Wagner, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

## 1. Communication

Ech wollt lech folgend Kommunikatioun maachen:

Haut de Mueren huet den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen um Greffe vun der Chamber den Dépôt gemaach vun dem

*- Projet de loi 5107 portant transposition de la directive 2000/52/CE de la Commission du 26 juillet 2000 modifiant la directive 80/723/CEE relative à la transparence des relations financières entre les Etats membres et les entreprises publiques.*

Op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg steet d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Médecine palliative, den Acharnement thérapeutique an d'Euthanasie.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Santer, Bodry, Schroell, Gibéryen, Huss, Urbany, d'Damme Meyers-Frank an Err, an d'Häre Krieps a Weiler.

D'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Jean-Paul Rippinger.

## 2. 4934 - Débat d'orientation sur la médecine palliative, l'acharnement thérapeutique et l'euthanasie

***Rapport de la Commission spéciale „Ethique"***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP), rapporteur.*- Här President, d'Zäit leeft schonn an ech hunn nach net ugefaangen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Progrès vun der Medezin an deene leschte Jorzéngten huet d'Liewenserwaardung vum Mënsch verlängert. Nei Techniken, sophistikéiert Procédéë bréngen et fäerdeg, de Mënsch méi laang um Liewen ze halen, och da wann d'Liewensqualitéit fir deen eenzelne selwer net ëmmer méi garantéiert ass. D'Doktere sinn net selte confrontéiert mat Situatiounen, wou se décidéiere mussen tëschent dem Erhale vum Liewen an dem Respekt vun der mënschlecher Dignitéit. An deem Kontext geet et ëm d'Prise en charge vun der Péng, d'Unerkennung vun de Rechter vun de Kranken, d'Recht op Begleedung um Enn vum Liewen an d'Palliativmedezin.

Hei geet et ëm eng Manéier, fir de Mënsch ze gesinn an der leschter Etapp vu sengem Liewen. Hei geet et ëm e verännert Verhale vun eiser Gesellschaft par rapport zu engem vun de wichtegste Momenter am Liewe vun engem Mënsch, nämlech sengem leschte Moment.

Mir mussen eis bewosst sinn, dass an eiser Gesellschaft, wéi se nun emol ass a wéi mer se wëllen hunn, et och un eis ass, nei Comportementer, nei Obligatiounen, nei Hoffnungen opzezeechnen. Et ass nëmmen normal, dass och d'Chamber sech heiriwwer Gedanke mécht an dass se an engem Débat d'orientation, dee mer haut féieren, net nëmmen doriwwer diskutéiert, mä awer och hir Meenung seet.

Dat war, menger Meenung no, och d'Missioun vun der Ethikskommissioun, wéi si hir Aarbechten iwwert déi dräi Voleten opgeholl huet: d'Palliativmedezin, den Acharnement thérapeutique an d'Euthanasie.

Nach selten ass e Sujet vun esou enger grousser gesellschaftspolitescher Tragweit an eisem Land esou oft, esou seriö, mä awer och esou kontrovers diskutéiert ginn.

Dat Wesentlecht, dat wat mir net däerfen aus den Ae verléieren, mussen eis Beméiunge bleiwen ze progresséieren, weider ze kommen, an dëst am Intérêt vum Mënsch.

Als Basis vun eisen heitegen Diskussiounen, hunn der Kommissioun d'Erkenntnisser an d'Diskussiounen an der Ethikskommissioun an där leschter Legislaturperiod gedéngt, inklusiv och den Débat d'orientation, deen de 16. Mäerz 1999 hei an der Chamber stattfonnt huet.

Dës Diskussiounen hunn effektiv stattfonnt nom dem Akraafttriede vum Gesetz vum 28. August 1998 iwwert d'Etablissements hospitaliers. Et muss ee feststellen, dass och no där Debatt keng konkret Mesuren op dem legislative Plang proposéiert gi sinn an awer och keng duerno geholl si ginn. Et sinn zwar e puer Resolutiounen ugeholl ginn, anerer sinn ofgelehnt gi mat dem fromme Wonsch, dass d'Chamber sech selwer eigentlech ausgedréckt huet, awer keng eigentlech legislativ Mesurë geholl huet. Allerdéngs waren déi Diskussiounen eng seriö Basis fir eis Diskussiounen an der Ethikskommissioun.

Dann ass et wichteg ervirzestréichen, dass no deem Débat d'orientation 1999 awer eng Partie nei Elementer opzezeechne sinn. Fir d'éischt d'Akraafttriede vum holländnesche Gesetz iwwert d'Euthanasie, dat den 1. Januar 2002 a Kraaft getrueden ass. D'Gesetzesvirlag iwwert d'Soins palliatifs, déi den 23. Oktober 2001 am belsche Senat votéiert an an der Assemblée plénière vun der Chambre des Représentants de 16. Mee 2002 adoptéiert an den 20. September 2002 a Kraaft getrueden ass.

Dann een drëtt Element: D'Proposition de loi sur le droit de mourir en dignité, déposéiert de 5. Februar 2002 vun den Deputéierten Err an Huss.

Da mengen ech awer och mussen ze mentionnéieren, d'Deklaratioun iwwert den Etat de la Nation den 3. Mee 2001, wou de Premier am Numm vun der Regierung gesot huet, dass d'Regierung gären hätt, dass erëm nei Diskussioune sollte gefouert ginn iwwert déi Sujeten. Ech zitéiere wat e gesot huet: „Sans œillères, sans barrières idéologiques, sans opinions préconçues".

D'LSAP-Fraktioun huet den 12. Abrëll 2001 d'Reprise vun eisen Aarbechte gefrot.

Fir awer komplett ze sinn an der Opzielung vun deenen neien Elementer, ass et wichteg ze soen, wat an der Regierungserklärung vum 11. August 1999 steet. Do steet ganz kloer dran, wat déi zwou Regierungsparteien décidéiert hunn, nämlech dass an dëser Legislaturperiod net géif légiféréiert ginn iwwert d'Euthanasie volontaire, déi also net an eis Legislatioun géif opgeholl ginn.

Iwwert d'Palliativmedezin stong Folgendes dran: „Les soins palliatifs seront largement étendus et cela tant en milieu hospitalier qu'en milieu ambulatoire".

D'Bestandsopnam vun der aktueller Situatioun, dat war d'Missioun vun eiser Kommissioun an zu gläicher Zäit och de Stand vun dem aktuelle juristeschen a gesetzleche Kader.

D'Kommissioun huet, esou wéi dat déi Kommissioun virdrun och gemaach huet, eng Rei vun Associatiounen invitéiert, fir gewuer ze ginn, wéi si um Terrain schaffen. Dat war notamment de 25. Mäerz 2002 OMEGA 90, de 24. Abrëll de Collège médical an d'Association des Médecins et Médecins-dentistes. Den 30. Mee d'Caritas, d'Association pour le droit de mourir dans la dignité, d'Association Luxembourg Alzheimer, an d'Patientevertriedung.

Et ass selbstverständlech, dass ech net an d'Detailer ginn als Rapporteur vun deem, wat do gesot ginn ass; dat ass alles am schréftleche Rapport nozeliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an eisen Aarbechten, an den Entrevuen, déi d'Ethikskommissioun gefouert huet, konnte mer feststellen, dass, wat d'Palliativmedezin ugeet, e legislative Kader besteet. D'Carte sanitaire, déi vum Gesondheetsminister Carlo Wagner opgestallt gi war, hat erwisen, dass hei am Land et net genuch Infrastrukture fir eng Prise en charge vun der palliativer Fleeg gëtt. Dofir ass am Artikel 14 vum Reglement vum 18. Abrëll 2001 iwwert den nationale Plan hospitalier festgehale ginn, dass d'Servicer fir d'Palliativmedezin a fir eng Prise en charge vun der Péng geschafe géife ginn.

Ech wëllt awer an deem Kontext hei nach d'Commission consultative nationale d'Ethique zitéieren, déi an hirem Avis geschriwwen huet, dass an enger Gesellschaft, déi eng fundamental Valeur de Rechter an de Fräiheete vum Eenzelnen attribuéiert, och eben den eenzelnen Individuum e Recht op Gesondheet huet, an ech zitéiere se: „Notamment par la mise à disposition d'une infrastructure médicale et hospitalière appropriée et la mise en place d'un régime de sécurité sociale permettant à tous l'accès aux soins. Toute personne

doit se voir reconnaître le droit à la vie et à une mort digne". A si fiert weider a mengt, dass an deene Konditiounen all kranke Mënsch e Recht huet e palliatiivt Traitement ze verlaangen.

Här President, eis Gesellschaft ass hei mat engem Défi konfrontéiert, well wann een deenen Zuele gleeft, déi eis de Collège médical matgedeelt huet, a mir hunn och kee Grond fir déi ze contestéieren, da gëtt et hei zu Lëtzebuerg 40 bis 60% vun de Kranken, déi en stade terminal sinn, déi awer keng appropriéiert palliativ Fleeg kënne kréien.

Dëst ass sécher net ze akzeptéieren. Dësen Défi formuléiert sech och op verschiddenen Niveauen. An der Praxis ginn d'Dokteren, wéi och de Personnel soignant bei der palliativer Fleeg dacks mat ethesche Problemer konfrontéiert. Als Patient wëllt haut jiddferee vun eis wéi e Sujet à part entière behandelt ginn. Dëse Begier steet an enkem Zesummenhank mam Recht vum Patient, e kompletten an ausféierlechen Accès op säin Dossier médical ze hunn.

Am Gesetz vum 28. August 1998 ass dëser Schwieregkeet Rechnung gedroe ginn, an d'Comités éthiques an de Spideeler sinn agefouert ginn. Leider hu mer an der Kommissioun misse feststellen, dass an enger ganzer Rei vu Spideeler déi net existéieren an also déi Spideeler och där Obligatioun net nokomm sinn.

En anere groussen Défi waart op eis am Beräich vun der Formatioun. Ausser e puer Ausnahmen hu Lëtzebuerger Doktere keng Formatioun an der Palliativmedezin. Och wat de ganz wichtegen Domän vum Traitement vun der Péng ugeet besteet e grousse Manktum. De Collège médical mengt dozou, dass et absolut néideg ass, dass all Dokter, deen hei zu Lëtzebuerg exerzéiert, eng Ausbildung an dëser Branche huet oder op d'mannst kritt. An der Kommissioun ware mir der Meenung, dass et néideg ass, dass all concernéiert Personal eng adequat Formation en soins palliatifs muss kréien. Dëst ass och de Fall fir d'Formation continue.

Am Kader vun der Demande d'autorisation, fir sech zu Lëtzebuerg ze etabléieren, ass et schwiereg, wann net esouguer onméiglech eng Obligatioun fir d'Doktere vun enger Formatioun an der Palliativmedezin anzeféieren. Dat géing bilateral Accorde mat deene jeeweilege Länner bedéngen, wou eis Dokteren hir Universitéitsstudien absolvéieren. Eng Handhab hunn déi Lëtzebuerger Autoritéiten awer um Niveau vun der Formation continue. D'Kommissioun ass der Meenung, dass d'Regierung d'Reglementatioun an där Matière misst an dësem Sënn adaptéieren.

Här President, d'palliativ Soinen hei zu Lëtzebuerg wieren net déi, déi se elo sinn, wann de Bénévolat net wier. Bénévole si wäertvoll Collaborateure vun de medezineschen Equipen. Hir Roll ass déi vum Réconfort vun de Kranken an hirer Famill. Duerch hir Presenz an hir Ecoute weise si, dass e Kranken nach ëmmer e Member vun eiser Gesellschaft ass. Andeems si hire Bénévolen, mä och dem Fleegepersonal eng Ausbildung vermëttelen, maachen dës Associatiounen eng äusserst wäertvoll Aarbecht. An den eigentleche Wäert dovunner ass, dass een och op deem Gebitt ka spezialiséiert Unitéiten aféieren, déi dann awer och de Besoinen an de Virstellunge vun enger ganzer Rei vu Leit géingen entspriechen. Hei muss een och op d'Pluralitéit setzen, d'Pluralitéit vun alle méigleche Choixen, an insistéieren drop, dass iwwerall do wou stierweskrank Leit, also Patienten en fin de vie sinn, optimal Soins palliatifs musse fonctionnéieren. Dat gëtt et zum Beispill mat spezialiséierten a multidisziplinären Equipen, déi an alle grousse Spideeler zur Verfügung solle stoen.

D'Commission spéciale „Ethique" ass der Meenung, dass de Bienfondé an d'Noutwendegkeet vun der bénévoler Aarbecht mussen unerkannt ginn an nach weider encouragéiert an ënnerstëtzt ginn. Esou ware Membere vun der Kommissioun, ech géing soen eng Majoritéit vu Memberen, der Meenung, dass de Stat kënnt d'Fräe vun der Formatioun en charge huelen an de Collaborateuren eng Indemnitéit verséieren ënnert der Form zum Beispill vun engem Forfait de déplacement oder hinnen e Congé familial octroyéieren. Ech hu gesot: Eng Majoritéit vun de Memberen.

Dat Wuert, a mir waren eis däers bewosst, huet gréisser finanziell Inzidenzen. Dofir fuerdere mer och d'Regierung an enger Motioun op, dëse Problem ze studéieren an dat am Kader vun engem Plan national de financement.

Wéi a wou soll d'Palliativmedezin dispenséiert ginn? An der Kommissioun hu mer festgestallt, dass et och bei de Professionnelle vun der Santé Meenungsverschiddenheete gëtt wat d'Strukturen ugeet. Ouni wëllen de Spezialisten Instruktiounen ze ginn, hu mir gemengt, dass hei eng grouss Flexibilitéit am Fonctionnement bestoe muss. Och ware mer der Meenung, dass d'Palliativfleeg doheem misst verstäerkt ginn, mä hei muss awer de familiäre Kader stabil sinn, soss fonctionnéiert dat net.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, an deem Sënn hunn ech hei eng Motioun ze déposéieren, déi vum Här Weiler a vu mir ënnerschriwwen ass a wou och nach aner Fraktioune sech kënnen dorunner bedeelegen.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*considérant les discussions ayant eu lieu au sein de la Commission spéciale d'Ethique en vue du débat d'orientation sur la médecine palliative, l'acharnement thérapeutique et l'euthanasie;*

*considérant l'article 37 de la loi du 28 août 1998 stipulant que chaque patient a accès aux soins préventifs, curatifs et palliatifs que demande son état de santé;*

*considérant que l'acceptation de soins palliatifs et l'accompagnement du malade en fin de vie ont connu, au cours des dernières années, une évolution certaine au Luxembourg;*

*considérant cependant qu'il existe actuellement encore des déficiences d'infrastructure en médecine palliative et des insuffisances concernant l'organisation et le financement des soins palliatifs dans les milieux hospitaliers;*

*estimant que chaque malade en fin de vie a le droit de bénéficier d'une prise en charge psychologique et médico-sociale adaptée et continue;*

*estimant que pour atteindre ce but il est indispensable que tous les intervenants dans l'administration des soins palliatifs, médecins, infirmiers, personnel soignant ainsi que les bénévoles, bénéficient d'une formation adéquate et continue;*

*invite le Gouvernement*

*à créer le cadre juridique pour que le recours aux soins palliatifs et le traitement de la douleur soient reconnus comme un droit de chaque patient,*

*à prendre les mesures nécessaires et à mettre en œuvre un programme national en matière de soins palliatifs en tenant compte des besoins des patients en fin de vie et l'encadrant soit en milieu hospitalier, soit en milieu ambulatoire, et à explorer les voies possibles de financement de ce programme national,*

*à prendre des initiatives en vue d'assurer la formation adéquate et continue incluant un suivi psychologique des médecins et du personnel soignant, d'inclure dans ces initiatives la formation des médecins en traitement de la douleur et d'envisager l'introduction d'une formation en soins palliatifs dans la formation initiale du personnel soignant,*

*à examiner les possibilités de prise en charge des frais de formation des collaborateurs bénévoles au sein des associations actives en matière de soins palliatifs et d'accompagnement des mourants,*

*à veiller à l'application des dispositions inscrites dans la loi du 28 août sur les établissements hospitaliers, spécialement de l'article 24 sur la création d'un comité d'éthique hospitalier.*

*(s.) Jean-Paul Rippinger, Gast Gibéryen, Marie-Josée Meyers-Frank, Marco Schroell, Lucien Weiler.*

Da kéime mer zum zweete Volet. Dat ass dee vum Acharnement thérapeutique. An enger franséischer Charte iwwer Palliativfleeg gëtt et iwwert den Acharnement thérapeutique folgend Definitioun: „C'est l'attitude qui consiste à poursuivre une thérapeutique lourde à visée curative, qui n'aurait comme objet que de prolonger la vie, sans tenir compte de sa qualité, alors qu'il n'existe aucun espoir raisonnable d'obtenir une amélioration de l'état du malade".

Den Acharnement thérapeutique gëtt a verschiddene legislativen Texter behandelt, sief et de Code de déontologie médicale oder och d'Gesetz vum 28. August 1998 iwwert d'Etablissements hospitaliers. Et besteet ouni Zweifel e grousse Konsens géint den Acharnement thérapeutique. Dës Praxis gëtt rejetéiert vun deene meeschte Kranken, dem Corps médical, wéi awer och vun der ziviler Gesellschaft. Et gëtt awer och Fäll wou et zu ethesche Problemer komme kann. D'Famill wëllt zum Beispill, dass mat engem sougenannte schwéieren Traitement weider gefuer gëtt, oder den Dokter benotzt aus juristesche Grënn, oder wéinst dem Principe de précaution, léiwer méi eng defensiv Medezin. Dës Grenzfäll kënnen nëmmen duerch eng kloer an adequat Informatioun évitéiert ginn. Ausserdeem, fir all Reproche aus dem Wee ze goen, en Traitement géif aus sozialen oder ökonomeschen oder och vläicht esouguer finanzielle Grënn gestoppt ginn, ass d'Ethikskommissioun der Meenung, dass et onbedéngt néideg ass, den éischten Interesséierten, an zwar de Kranke selwer, an den Décisiounsprozess mat anzebannen.

Niewent de Comités d'éthique, déi an de Klinicke bestoe sollen, ass do ouni Zweifel en Dokument, dat d'Dispositions de fin de vie vun enger Persoun festhält, e wichtegt Instrument. An dësem Dokument, och nach dacks Testament de fin de vie oder Testament biologique genannt, huet all Persoun d'Méiglechkeet déi Soinen an dat Traitement ze akzeptéieren oder ze refuséieren, dëst an der Eventualitéit, dass si am Endstadium vun enger Krankheet oder duerch en Accident net méi amstand wier sech auszedrécken oder selwer Décisiounen ze huelen. Esou en Dokument kann een als Wëllensakt ugesinn. All eis Gespréichspartner ware vun der Wichtegkeet an dem Bien-fondé vun esou engem Dokument iwwerzeegt.

Här President, an der Ethikskommissioun hu mer virgezunn den Term „disposition de fin de vie" zréckzebehalen. Mir wëllen net, dass et zu der Verwiesselung kënnt mat dem klasseschen Testament. All Membere vun der Ethikskommissioun ware sech eens, dass déi fundamental Prinzipië vun der Autonomie an der Autodéterminatioun vun der Persoun duerch esou en Dokument respektéiert ginn. Dëst Dokument, oder dës Pièce ass net nëmmen eng Hëllef, e Guide fir den Dokter, mä ass och e wichtegt Kommunikatiounsmëttel tëschent der betraffener Persoun an hirem Entourage, tëschent dem Patient an dem Fleegepersonal.

Et ass sécher net einfach sech Gedanken iwwer seng Liewensdauer a säi Liewensenn ze maachen. Mir sinn dofir der Meenung, dass een d'Redaktioun vun esou engem Dokument kengem kann opzwéngen, dass et jiddferengem iwwerlooss bleiwe muss esou een Dokument selwer opzesetzen.

Et ass an eisen Aen evident, dass dës Dispositiounen zu all Moment widderruff oder geännert kënne ginn. D'Spezialkommissioun Ethik ass der Meenung, dass d'Modalitéiten iwwert den Dépôt an d'Accessibilitéit vun den Dispositions de fin de vie musse regléiert ginn an dass d'Confidentialitéit vun dësem Dokument assuréiert soll sinn. Et muss also eng Plaz definéiert gi fir den Dépôt vun dësen Dokumenter. Dëst kënnt den Notär als Officier public sinn, oder e Service beim Ministère de la Santé.

Här President, a mengem Rapport hunn ech ënnerstrach an ech wëllt hei nach eng Kéier betounen, dass keen Dokter ka gezwonge ginn de Wëlle vun engem Patient, deen hien an enger Disposition de fin de vie festgehalen huet, ze respektéieren, wann dëse Wëllen a Kontradiktioun mat senger Ethik ass, dat heescht mat dem Dokter senger Ethik.

Et ass nu sécher, dass wann een dëst Dokument opsetzt, ee muss amstand sinn dat ze maachen, an zwar en toute connaissance de cause. Dofir ware mer der Meenung, dass all dement Persoun, grad esou wéi Mannerjähreger solle vun dëser Méiglechkeet ausgeschloss sinn.

Wat elo déi legal Unerkennung vun engem Testament de vie, dat esou Dispositiounen enthält, ugeet, war d'Kommissioun der Meenung, dass e Caractère d'authenticité muss bestoen, dëst éischtens duerch d'Interventioun vun engem Officier public, oder engem Ministère, an zweetens duerch d'Gesetz vum 28. August 1998 iwwert d'Etablissements hospitaliers, dat a sengem Artikel 40 Folgendes festhält: «Le patient a le droit de refuser ou d'accepter toute intervention diagnostique ou thérapeutique, sans préjudice des dispositions de l'article 7 … de la loi du 4 août 1992 relatif à la protection de la jeunesse.»

Fir d'Kommissioun mussen d'Dispositions de fin de vie als eng Verlängerung vun dësem Recht ugesi ginn. Sou en Dokument ass en äusserst wäertvollt Mëttel fir all Persoun déi sech am leschte Stadium vun hirem Liewe befënnt, hirem Wëllen Ausdrock ze ginn. Dës Dispositioune kënnen awer ni den Dialog als essentiellt Element an enger Relatioun tëschent engem Patient, dem Dokter, dem Fleegepersonal an der Famill ersetzen. Mä et ass awer sécher ee wäertvolle Repère fir d'Famill an de Frëndeskrees, wa si an engem schwierege Moment déchirant Entscheedunge mussen huelen.

An och wat dëse Sujet an dëse Volet ubelaangt, Här President, déposéieren ech eng Motioun, déi och vum Här Weiler a vu mir ënnerschriwwen ass, wou mer verlaangen, dass den Testament de vie an déi Lëtzebuerger Législatioun agesat gëtt; an et ass nach Plaz drop wann aner Fraktioune sech do wëllen uschléissen.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*considérant que la loi du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers consacre le principe des droits et des devoirs des malades et accorde une grande importance au principe de l'autodétermination du patient tout en consolidant son droit de décision;*

*considérant que les situations de fin de vie, où le malade est dans l'incapacité d'exprimer sa volonté, sont fréquentes;*

*estimant utile et nécessaire de prévoir des procédures permettant à toute personne malade de faire connaître, valoir et respecter sa volonté;*

*convaincue donc de la nécessité de créer un cadre garantissant l'autonomie du patient et de son consentement éclairé;*

*estimant qu'un document tel un „testament de vie" représente un moyen précieux pour une personne en fin de vie d'exprimer ses dernières volontés;*

*invite le Gouvernement*

*à introduire dans notre léglislation le „testament de vie", consistant dans un document contenant les dispositions de fin de vie de son auteur, par lesquelles celui-ci exprime sa volonté concernant les circonstances de sa fin de vie, et qui guident le médecin dans ses choix de traitement.*

*(s.) Jean-Paul Rippinger, Gast Gibéryen, Marie-Josée Meyers-Frank, Marco Schroell, Lucien Weiler.*

Da kommen ech schonns, Här President, un deen drëtten Aspekt, deen drëtte Volet vun eisen Aarbechten, an dat ass dee vun der Euthanasie. De Problem Euthanasie war ouni Zweifel - an dat huet ee schonn an den Diskussiounen 1999 gesinn -, dee schwieregsten an dee sensibelsten ze diskutéieren, dëst a Considératioun vu sengen etheschen, moraleschen, deontologeschen, juristeschen a politeschen Implikatiounen.

Wa mir hei iwwer Euthanasie schwätzen, da baséiere mir eis op d'Definitioun déi am Rapport iwwert d'Debatt vun 1999 festgehale ginn ass, nämlech nëmmen d'Euthanasie volontaire oder active. An do ass et wichteg nach eng Kéier doriwwer ze referéieren, wat dann 1999 u Conclusiounen an dem Dossier Euthanasie festgehale ginn ass.

Dräi méiglech Positioune goufen deemools zréckbehalen. Éischtens, d'Euthanasie ass a bleift punissable no eisem Code pénal, also et ännert een näischt un der aktueller Situatioun. Zweetens, et kann een d'Euthanasie dépénaliséieren, also de positiven Akt vun der Euthanasie stroffräi maachen. An drëttens, déi juristesch Notioun am Droit pénal vun der Cause d'excuse oder der Cause de justification eran ze bréngen.

Ech muss lech soen, op Grond vun deene Considératiounen a vun deenen Débats d'orientation 1999, wollt ech awer als President an och als Rapporteur vun där Kommissioun op deem Gebitt weiderkommen - net dass mer an deem aktuelle vide juridique géinge bleiwen - an ech hu versicht e Konsens ze sichen, fir eben deen aktuelle Vide juridique ze combléieren. An eisen Diskussioune si mir zur Kenntnis komm, dass et indiquéiert ka sinn, den Doud vun enger stierwender Persoun ze beschleunegen, dëst andeems ee bestëmmt intensiv Therapien ënnerléisst, oder andeems een hir staark Medikamenter géint d'Péng a Calmantë gëtt.

Iwwert de Refus vum Acharnement thérapeutique ze diskutéieren, ouni d'Problematik vun der Euthanasie ze envisagéieren, ass wéineg realistesch. D'Grenz tëschent deem sougenannten Arrêt thérapeutique an engem Traitement fir de Confort vum Patient ze assuréieren, dee sech als „euthanasiant" erweist, ass äusserst schmuel.

Mä op d'Fro „Un acte euthanasique peut-il être qualifié d'acte moralement et éthiquement acceptable?" sinn an der Kommissioun - an dat war och selbstverständlech - Divergenzen ervirkomm, déi ech als „irréductible" also oniwwerbréckbar bezeechne kann. Fir verschid-

de Membere vun der Ethikskommissioun ass d'Euthanasie active op moraleschem Plang an deene Fäll justifizéiert, wou et eng medezinesch Situatioun ouni Auswee gëtt, wou e grousst Leide besteet, a wou d'Recht vun all Mënsch op Autonomie net a Fro gestallt gëtt. Fir aner Membere bleift d'Euthanasie e moralesch inakzeptabelen Akt, dee géint den onantastbare Wäert vum Liewe geet.

All Memberen hunn hir Verbonnenheet mat den dräi fundamentale Valeure vun eiser Ethik zum Ausdrock bruecht: déi mënschlech Dignitéit, de Respekt vum Liewen an d'Autonomie vun der Persoun. D'Differenzen articuléiere sech ëm d'Primautéit déi déi verschidde Membere moralesche Valeure ginn, déi eng par rapport zu deenen aneren. Als President vun der Kommissioun hunn ech du sämtleche Memberen e Questionnaire zougestallt, e Questionnaire dee véier Froe beinhaltet huet, a wou d'Fraktiounen drop konnten äntwerten, ebe well mer wollten an dem Dossier virukommen.

Déi éischt Fro war folgend: Ass d'Ethikskommissioun der Meenung, dass een an déi Lëtzebuerger Législatioun d'Dispositioune vun der Proposition de loi Err an Huss soll abréngen? Do war eng ganz grouss Majoritéit fir dat net ze maachen.

Déi zweet Fro, déi huet sech ëm d'Dépénalisatioun vun der Euthanasie active gehandelt, respektiv d'Euthanasie volontaire, andeem dass ee sech inspiréiert hätt an den Dispositioune vum Gesetz vum 15. November 1978 relatif à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et la réglementation de l'interruption de grossesse. Do hu mer och gesinn, dass mer iwwert dee Punkt keng Majoritéit an der Kommissioun kéinte kréien.

Déi drëtt Fro, déi ënneragedeelt war, huet iwwert den Testament de vie gehandelt: Sidd Dir d'accord fir an d'Législatioun déi Disposition de fin de vie anzeféieren, andeem dass een den Dokter freet fir dass en op all Acharnement thérapeutique renoncéiert? Dat war ënnert dem Punkt A an ënnert dem Punkt B, ob dann de Patient d'accord ass, dass den Dokter ebe géing d'Euthanasie prodigéieren. Op déi Ënnerandeelung A hu mer eng large Majoritéit kritt, an op déi aner, déi zweet Fro, net.

An da koum déi véiert Fro, dee véierte Punkt vum Questionnaire: Solle mer légiféréieren? Ech kann lech nëmme soen, déi eng Fraktiounen hu schrëftlech geäntwert, déi aner mëndlech, an et ass och net u mir, fir elo hei als Rapporteur dat hei ze soen, wat se eis geschriwwen hu respektiv gesot hunn - ech mengen all Fraktioun kënnt heihinner a seet dat selwer wat se zu deene Punkten ze soen huet -, an et ass och net u mir als President vun der Kommissioun, fir dat ze kommentéieren.

An der Conclusioun sinn d'Äntwerten op dëse Questionnaire an awer och den Avis vun den Doktere considéréiert ginn, well en definitive däerf ee jo awer net vergiessen dass deejéinegen, deen den Akt muss vollzéien, jo awer den Dokter ass. Den Dokteren hir Implikatioun an dëser Problematik ass jo dofir net méi ze beweisen. Dofir war et enger Majoritéit vun de Membere vun der Kommissioun wichteg, den Avis vun den Dokteren a Considératioun ze zéien. A senge verschiddene Prise-de-positionen huet de Corps médical ëmmer erëm op d'Entwécklung an de Finanzement vun der Palliativmedezin insistéiert. Fir si ass d'Dépénalisatioun, d'Stroffräiheet also vun der Abstention thérapeutique an de Refus vum Acharnement thérapeutique absolut ze recommandéieren. Och si hu sech en faveur vum Dokument «Dispositions de fin de vie» ausgedréckt, dëst fir d'Autonomie vum Patient an een opgekläerte Consentement ze ënnerstëtzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen also zur Conclusioun. D'Spezialkommissioun widderhëlt dass an dësem Débat jiddferee fräi muss sinn, déi gestallte Froen no sengen eegenen etheschen a moralesche Prinzipien anzeschätzen an eng Äntwert dorobber ze ginn. A Considératioun vun den Diversitéiten an den Divergenzen an den lwwerzeegungen an an den Appréciatiounen ass d'Spezialkommissioun Ethik zur Conclusioun komm - ech hunn et virdrun ugedeit -, dass ee Konsens iwwert d'Proposition de loi N°4909 sur le droit de mourir en dignité net méiglech ass.

D'Kommissioun ënnersträicht d'Recht vun all Patient, palliativ Fleeg ze froen an ze kréien. Et ass absolut primordial all noutwendeg Moossnamen ze huelen, fir dass et zu enger Entwécklung an dem Finanzement vun der Palliativmedezin kënnt. Dëst an de Klinicken oder och an aneren Etablissementer, wou doudkrank Leit gefleegt ginn, an och eben doheem. Och ass et elementar, dass et zu enger adequater Formatioun vum medezinesche Personal kënnt. D'Kommissioun refuséiert all Acharnement thérapeutique an hirer Majoritéit, an ass der Meenung, dass et zu enger Dépénalisatioun vun der Abstention thérapeutique muss kommen.

Well eis Gesellschaft d'Pflicht huet, d'Autonomie vum Patient a säi Recht op Autodéterminatioun ze garantéieren ass eng Majoritéit vun der Kommissioun der Meenung, dass eng legal Basis fir en Dokument „Dispositions de fin de vie" geschafe muss ginn. Well d'Euthanasie active mam Gewëssen a mat der ethescher Opfaassung vun all Eenzelnem ze dinn huet, huet d'Kommissioun keng eenheetlech Positioun an dëser Fro konnten dégagéieren.

Ech muss also soen, dass en définitive mer awer an de Majoritéitsparteie versicht hunn zu engem Konsens ze kommen, dee sech dann ausdréckt an enger anerer Motioun, an där leschter Motioun, Här President, déi ech lech iwwerreechen, a wou et drëm geet ze légiféréieren an dem Sënn vun enger Dépénalisatioun vun der Abstention thérapeutique.

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*rappelant la priorité absolue que la Chambre accorde au développement de la médecine, à la recherche dans ce domaine et aux soins palliatifs à prodiguer à tout malade en fin de vie;*

*considérant que les débats de la Commission spéciale «Ethique» ont porté sur l'ensemble des questions liées à une fin de vie dans la dignité, et ont englobé les soins palliatifs, l'abstention thérapeutique et l'euthanasie;*

*considérant que l'euthanasie, consistant en un acte positif concret entraînant directement la mort, reste un problème de conscience pour chaque individu selon ses conceptions éthiques et morales; qu'en outre, d'après notre droit pénal actuellement en vigueur l'euthanasie est punissable;*

*considérant d'autre part que l'abstention thérapeutique consiste en la renonciation à tout acte médical dépourvu d'effet curatif et n'ayant plus comme but que de prolonger artificiellement la vie d'une personne sans pouvoir remédier à un mal incurable;*

*se prononçant dès lors contre toute forme d'acharnement thérapeutique;*

*invite le Gouvernement*

*à légiférer dans le sens d'une dépénalisation de l'abstention thérapeutique telle que proposée dans l'avis de l'Association des Médecins et Médecins-Dentistes du 18 juin 2002.*

*(s.) Jean-Paul Rippinger, Gast Gibéryen, Marie-Josée Meyers-Frank, Marco Schroell, Lucien Weiler.*

Compte tenu vum Fait, dass an der Kommissioun déi eng Leit der Meenung waren, mir géingen net wäit genuch goen um Gebitt vun der Euthanasie an d'Euthanasie active erlaben; compte tenu vum Fait, dass awer genausou vill Leit aus der Oppositioun zu deem Sujet net wollten esou wäit goen, war et eigentlech awer opportun, géing ech soen, e Mëttelwee ze fannen.

De Mëttelwee hunn dann eben d'Majoritéitsparteie fonnt, andeem se als Document de travail an als Document de base vun deem, wat se elo an de Motiounen ausgedréckt hunn, d'Konklusioune geholl hu vum Avis vun den Dokteren. Och d'Doktere sinn net all enger Meenung. Och do gëtt et eng Majoritéit, déi där enger Meenung ass, an eng Minoritéit, déi där anerer Meenung ass.

Op jidde Fall wëll ech all menge Kolleege merci soe fir hir wäertvoll Kollaboratioun an der Kommissioun, wou jo awer schliesslech ganz interessant Diskussioune stattfonnt hunn, ech géing soen abseits vun alle politesche Considératiounen a Polemiken, wat ganz wichteg ass. Ech géing soen, den allerleschte Konsens, dee mer an der Ethikskommissioun majoritär erreecht hunn ass - n'en déplaise à quiconque - a mengen Aen trotz allem e grousse Fortschrëtt, an näischt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wäert eis an Zukunft ofhalen dëse Fortschrëtt weider auszebauen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Patrick Santer agedroen. Den Här Santer huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Patrick Santer *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir debattéieren haut iwwer en Themekomplex, dee wéi kaum en anere sensibel ass. Sensibel net, well e sech an enger Logik vun enger Ausenanersetzung tëschent Parteien aschreift, grad dat soll en net, mä sensibel, well d'Fro vum Liewen a vum Doud, ëm déi et an der Thematik vun der Stierfbegleedung geet, jiddferengem ganz perséinlech no geet. Mir hunn et hei mat engem Sujet ze dinn, wou et keng Parteidisziplin gëtt. Et gëtt just perséinlech Meenungen an lwwerzeegungen, et gëtt Gewëssensentscheeder, déi jiddferee fir sech selwer huele muss.

Et ass net fir d'éischt dass d'Chamber sech mat dëser Thematik befaasst, a grad wéi bei eiser leschter Debatt 1999 gesi mir och dës Kéier nees, dass d'lwwerzeegungen, déi artikuléiert ginn, sech net un den Trennlinnen tëschent de Parteien orientéieren. Ech sinn doriwwer zimlech zefridden, well dat a mengen Aen dem Eescht vum Sujet Rechnung dréit. Mat e puer Ausnahmen huet nämlech keen hei am Haus versicht aus der Stierfbegleedung e Politikum ze maachen, wat sech fir parteipolitesch Polemik soll eegnen. Mat Gewëssensfroe mécht ee kee Wahlkampf.

Stierfbegleedung ass keen ideologesche Sujet. Si léisst sech net am Clivage tëschent riets a lénks, tëschent progressiv a konservativ aspären. Et gëtt kee fortschrëttlechen Doud. Et gëtt kee reaktionären Doud. Et kann eleng e wierdegen Doud ginn op deen all Mënsch e Recht huet.

Här President, eng vun de Charakteristike vun der Stierfbegleedungsdebatt ass d'Schwieregkeet vum Ëmgang mat de Begréffer. Wat zum Beispill genee Euthanasie ass muss gekläert ginn ier een driwwer diskutéiert an ier ee Sondagen dozou organiséiert. Wann zum Beispill eng grouss Majoritéit sech schéngt der Euthanasie géigeniwwer positiv ze artikuléieren, da muss een d'Fro stelle wat dann dës Leit mat Euthanasie gemengt hunn. Wa mer iwwer Palliativmedezin an Acharnement thérapeutique schwätzen, da musse mer wësse wou dat eent ufänkt a wou dat anert ophält. Da mussen d'Ënnerscheeder zwëschent den Notioune kloer sinn an da muss déi gesamt Tragweit vun deenen eenzelne Wierder bekannt sinn. Ouni dat féiere mer eng Debatt op Käschte vun den intimen Ängscht vun de Leit.

Wa verschiddentlech aus dem politesche Raum haart no aktiver Stierfhëllef geruff gëtt, an deem Ruff schléisse sech da Bierger am Kader vu Sondagen un, da sinn ech perséinlech dovunner iwwerzeegt dass et enger grousser Zuel vu Befroten net kloer ass wéi am politesche Milieu iwwert dëse Sujet diskutéiert gëtt.

D'Leit hunn Angscht virun engem qualvollen Doud mat vill Péng. Ech och. Si fäerten eventuell just nach vun enger Maschinn um Liewe gehalen ze ginn, un engem Liewe wat fir si iwwerhaapt keent méi ass, well si et iwwerhaapt net méi matkréien. An da gëtt esou gemaach wéi wann d'Euthanasie - d'Stierfhëllef am eigentleche Sënn vum Wuert - dat eenzegt Mëttel wier, wat ënnert allen Ëmstänn e wierdegen Doud géif erméiglechen. Déi fréier däitsch Justizministerin Herta Däubler-Gmelin huet emol gesot, fir si géif et eng kloer Trennlinn tëschent dem Akzeptablen an dem Inakzeptable ginn. Si huet gesot si géif sech Hëllef beim Stierwe wënschen, awer nimools Hëllef fir ze stierwen. Dat ass eng Konzeptioun, déi ech deelen, a mat mir vill Kolleegen heibannen, an net nëmmen op de Bänke vu menger Fraktioun.

Wat dëst konkret bedeit huet d'Ethikskommissioun an de Konklusioune vun hirem Rapport festgehalen, dee sech un dëser Konzeptioun orientéiert. D'Majoritéit vun de Membere vun der Ethikskommissioun ass zur lwwerzeegung gelaangt, dass eng Positioun misst fonnt ginn, déi engersäits e wierdegen Doud als Recht vun all Mënsch festhält a sech anerersäits enk un dat ulehnt, wat d'Dokteren an hiren Avisen zu dësem Thema gesot hunn. Schliesslech ass et de Corps médical, deen net nëmme konstant mat konkrete Fäll konfrontéiert ass, wou e Mënsch amgaangen ass ze stierwen an e bis zum Enn begleet, mä et sinn och d'Dokteren, déi d'Verantwortung droen a se mussen op sech huele fir dat, wat se mat engem Patient maachen, deem therapeutesch a kurativ net méi ze hëllefen ass. Sech iwwert d'Meenung vun den Dokteren ewechzesetzen hätt Konsequenze gehat, déi der Saach an erhiewlechem Mooss geschuet hätt.

Éischtens regelt ee keng Virgäng am medezinesche Beräich géint d'Medeziner. An zweetens kann een e Beruffsstand, deen a sengem Amtseed - an ech verweisen hei op den Artikel 45 vum Code de déontologie médicale - sech dozou verpflicht nimools e Mënsch dout ze maachen, net an d'Lag versetzen dat quasi opgrond vun engem Gesetz awer mussen ze maachen.

Déi immens Retizenz vu ganz groussen Deeler vum Corps médical an Holland fir Euthanasie ze praktizéiere beleet dat op androcksvoll Manéier. Nëmmen eng ganz kleng Minoritéit vu Medeziner huet sech do fanne gelooss fir aktiv Stierfhëllef ze administréieren. Et geet mer beileiwen net dorëm dës Leit ze veruerteelen. Wa mer vu Gewëssensfroe schwätzen, dann hu mer d'Gewësse vun alle Mënschen ze respektéieren, selbstverständlech och dat vu Leit déi no Stierfhëllef froen a vun deenen déi se ginn. Mä dorauser kann ee keng allgemeng gülteg a verpflichtend Regel ofleeden. Schliesslech besoen d'Texter vun der europäescher an internationaler medezinescher Deontologie eigentlech alles, wat mer an dësem Zesummenhang brauchen.

D'Organisation mondiale de la Santé huet an engem Rapport vun 1990 dat heite geschriwwen: „Avec l'apparition de méthodes modernes de soins palliatifs, la légalisation de l'euthanasie volontaire n'est pas nécessaire. Maintenant qu'il existe une solution possible au problème de la mort dans la souffrance, il est préférable de concentrer ses efforts sur la mise en application des programmes de soins palliatifs plutôt que d'exercer des pressions pour légaliser l'euthanasie."

Och huet 1987 de Weltärzteband dat heite geschriwwen: „Das Leben eines Menschen vorsetzlich zu beenden, selbst auf eigenen Wunsch des Patienten oder naher Verwandter, ist unethisch. Dies hindert jedoch den Arzt nicht die Wünsche des Patienten zu respektieren, den natürlichen Sterbevorgang in der letzten Krankheitsphase seinen Lauf nehmen zu lassen."

Dës Texter riichte sech géint den Acharnement thérapeutique, fuerderen d'Erhalung vun enger maximaler Liewensqualitéit fir stierwend Patienten a lehnen déi aktiv Stierfhëllef als Contraire zum hippokrateschen Eed of. Dëst geschitt net zoufälleg. Och de Corps médical ass sech selbstverständlech de Mëssbrauchméiglechkeete vun engem weider goenden Aktiounsradius bewosst. Wat vun deenen engen zwar nach kéint als Akt vu Gnod, deen op wierklecher Compassioun berout an engem explizite Patientewonsch entsprécht, praktizéiert ginn, dat kéint vun aneren ze fréi mat de falsche Mëttelen an ouni explizite Patientewonsch administréiert ginn. D'Kontrollméiglechkeete sinn hei begrenzt, et sief dann dass een e komplexen administrative schwéiere Mechanismus opstellt, wat och net an dësem Fall ubruecht wär.

D'Medeziner wëssen ëm de Mëssbrauchrisiko bei aktiver Stierfhëllef, an d'Politiker sollte sech an dëser kriddeleger Matière net all ze wäit vun deem entfernen, wat d'Doktere selwer fir richteg fannen. D'Kommissioun huet an hirer Majoritéit eng Léisung préconiséiert, an déi ass am Rapport, deen de Kolleeg Jean-Paul Rippinger presentéiert huet - a fir deem säi Rapport ech him merci soen -, festgehalen, déi der eigentlecher Suerg vun de Leit begéint. Dës Suerg ass e wierdegen Doud ouni Péng kënnen ze erwaarden, drop e Recht ze hunn an dat Recht och kënnen anzefuerderen.

Dofir hu mer d'Konklusioune vun der Kommissioun ronderëm dräi Achsen orientéiert. Et sinn dëst dräi Achsen, déi et erlabe genee deenen Ängschten ze begéinen, déi vill Leit am Zesummenhang mat engem Doud duerch schwéier Krankheet oder Accident hunn.

Mir hunn eis éischtens dofir ausgeschwat, den Usproch op palliativ medezinesch Betreiung ze generaliséieren. Ech ginn drop net weider an, well meng Fraktiounskolleegin, d'Madame Marie-Josée Meyers-Frank, dat herno am Detail wäert maachen. Schliesslech ass d'palliativ Betreiung vun engem kranke Mënsch eng komplex Ugeleeënheet, déi sech net mat der Administratioun vu Morphium erschöpft. Tatsaach ass awer, dass se drop ofziilt ee Liewensenn ouni Péng ze erméiglechen, e fundamentale Rechtsusproch vun engem Patient deen et net méiglech ass ze heelen an deem säi Stiefprozess ageleet ass. Tëschent Euthanasie a Palliativmedezin leie Welten.

Zweetens hu mer eis kloer an däitlech géint den Acharnement thérapeutique ausgeschwat. Hie soll formell dépénaliséiert ginn. Dat ass zwar scho wäitgoend zënter dem Spidolsgesetz vun 1998 geschitt, mä mir wëllen eng weider Klärung vun der Stroffräistellung vun den Dokteren, déi zu engem bestëmmte Moment décidéieren, op mede-

zinesch Akten zugonschte vun engem onheelbarkranke Mënsch ze verzichten. Well genee dat ass de Refus vum Acharnement thérapeutique. Et geet drëms fir ze verhënneren, dass reng liewensverlängernd Mëttel agesat gi wa keng Aussiicht op Heelung oder Besserung vum Zoustand vun engem Patient méi besteet. Wann den Doud bevirsteet, wann de Stierfprozess vun engem Mënsch amgaangen ass, si mir dofir dëse Prozess säin natierleche Verlaf huelen ze loossen. Mir sinn dogéint dass e Liewen, wat sech just nach op e puer vegetativ Funktioune begrenzt an iwwert deen Zoustand net méi wäert ewechkommen, kënschtlech verlängert gëtt.

An der Vergaangenheet ass am Bezuch op d'Oflehnung vum Acharnement thérapeutique och vu passiver Euthanasie geschwat ginn. D'Kommissioun huet dëse Begréff net méi opgegraff, well en der Problematik net gerecht gëtt. Mir wëllen trennen tëschent stierwe loossen an zum Stierwe bréngen. All Akt, duerch dee just den natierleche Stierfprozess a sengem Verlaf gewäerde gelooss gëtt, soll am heitegen Zoustand vun der Debatt net als Euthanasie gezeechent ginn. Dëse Begréff soll sech eleng op Akte bezéien, déi eng Hëllef fir ze stierwen duerstellen.

Den Acharnement thérapeutique huet vill Facetten, seng Oflehnung deementspriechend och. Et geet virun allem ëm de Verzicht op all medezinesch Akten, déi keng kurativ Bedeitung méi hunn. Et gëtt Situatiounen an deene keen Akt méi e kurativen Effekt kann hunn, an et gëtt solcher an deenen eenzel Démarchë vun der Medezin näischt Kuratives méi kënnen als Wierkung entfalen. Je nodeem ëm wat et genau geet, wéi sech ee Krankheetsbild genee duerstellt, wéi et prezis ëm e Mënsch bestallt ass, bedeit d'Oflehnung vum therapeuteschen Acharnement net datselwecht. Et kann eemol de Verzicht op bestëmmten Zousazmedikamenter sinn, eng aner Kéier zum Beispill d'Ofschalte vun enger Häerzlongemaschinn.

An all dëse Fäll awer geet et ëm datselwecht. Et geet drëms, engem Patient keng Traitementer méi zouzemudden, déi net méi hëllefen. Et geet drëms e Mënsch, deen um Stierwe läit, stierwen ze loossen. Et geet, wéi ech scho virdrun zitéiert hunn, ëm eng Hëllef beim Stierwen, eng Hëllef déi dora besteet e Liewen net kënschtlech iwwer seng natierlech Span eraus ze verlängeren.

An dann, Här President, hu mer d'Stierwestestament zréckbehalen, wat et ënner verschiddene Begréffer gëtt, och deem vun der Disposition de fin de vie. Dëst Instrument ass wichteg fir d'Artikulatioun vum Wonsch vun engem Patient hisichtlech senger Behandlung a fir de Respekt vun dësem Wonsch. Mat Disposition de fin de vie schafe mer e Guidage, eng Orientéierung fir d'Dokteren, déi e Mënsch zum Enn vu sengem Liewe betreien. An esou engem Dokument leet e Mënsch duer, wat e sech am Fall vun de Fäll erwaart. E formuléiert seng Erwaardungen un d'Medezin an u säin eegent perséinlecht Ëmfeld, dat sengem Wonsch grad esou soll entsprieche wéi déi behandelnd Dokteren.

Et ass e wichtegt Instrument fir d'Hierstellung vun enger grousser Patientenautonomie. Mä dës Autonomie huet Grenzen. Si hält do op, wou mer kee Recht op Stierwen aféieren, wat a contrario vum Recht op Liewen ofgeleet wier. Dëst ass eng Décisioun, déi all Land muss selwer huelen. Den europäesche Menscherechtsgeriichtshaff huet an der Affär Pretty festgehalen, dass ee Recht op stierwen net international kéint a contrario vum Recht op Liewen ofgeleet ginn, dat déi europäesch Mënscherechtskonventioun an hirem Artikel 2 consacréiert. Domadder huet dëst Geriicht, deem seng moralesch Autoritéit vu kengem an Zweifel gezu ka ginn, kloer duergeluecht, dass et keng prinzipiell, keng international oder keng europäesch verflichtend Rechtsnorm ka ginn, déi een aus dem Recht op Liewe ka konstruéieren.

D'Majoritéit vun der Ethikskommissioun war der Iwwerzeegung, dass een dem europäesche Mënscherechtsgeriichtshaff och fir eis intern Gesetzgebung sollt nogoen. Dofir schafe mer kee Recht op Stierwen, mä mer schafe séier wuel e Recht op ee wierdegen Doud. Dozou dréit och d'Aféierung vun der Disposition de fin de vie wesentlech bäi.

Här President, d'Kommissioun ass net méi wäit gaangen, well se der Meenung war an hirer Majoritéit, dass e wierklecht Recht op Stierwen, an eng domat verbonnen Dépénaliséierung vun der Euthanasie, d'Dieren zum Mëssbrauch ze wäit géif opstoussen. Mir waren der Usiicht dass mer net wéisste wou mer genee géifen hikommen, wa mer d'Euthanasie am eigentleche Sënn vum Wuert géifen erlaben. Mir haten d'Befierchtung dass Situatioune géifen entstoen, an deenen engem Mënsch kéint eng medezinesch optimal Betreiung versot bleiwen, well ze fréi un aktiv Stierfhëllef géif geduecht ginn. Mir wollte verhënneren dass e Mënsch muss Angscht hunn, wann en no engem Accident oder wéinst schwéierer Krankheet géif an e Spidol ageliwwert ginn, Angscht dass net säi Liewen, mä säin Doud do kéint prioritär viséiert ginn.

A mir wollte virun allem de Bedenke vum Collège médical wéi och vun der AMMD Rechnung droen, déi sech alle béid géint d'Euthanasie ausgeschwat hunn, an zwar aus Grënn déi ech elo scho genannt hunn an déi mat der Perspektiv vun Abüe grad esou vill ze dinn hu wéi mat der Tatsaach dass nëmme ganz wéineg Doktere sech an der Lag geséichen, wëllentlech a wëssentlech, den Doud vun engem Patient erbäizeféieren, an dat op etheschem an deontologeschem Standpunkt rechtfertegen ze kënnen. Also den Doud net ganz einfach antrieden ze loossen, mä bewosst duerch eng bestëmmten Handlung erbäizeféieren. Esou enger Perspektiv hu mer eis widdersat, zesumme mat den Dokteren, a mir sinn dovun iwwerzeegt dass dës Démarche déi richteg ass. Dat huet eenzeg an eleng mat Respekt virum mënschleche Liewen ze doen a mat Respekt virun der Haltung vum Corps médical, dee jo schliesslech direkt vun deem concernéiert ass, wat mer hei décidéieren.

Här President, a mengen Aen an an deene vun de Kolleege vun menger Fraktioun entspriechen d'Konklusioune vun der Kommissioun exakt deem, wat eng grouss Majoritéit vun de Leit am Land hei wëllen. Si entspriechen etheschen Iwwerleeungen, déi mam Respekt vum Liewen ze dinn hunn, a si sinn op ee wierdegen Doud als Recht vun all Mënsch ausgeriicht.

D'Liewen ass ze grouss fir jidderee vun eis. Den Doud och. Wann d'Liewen op een Enn geet a sech dem Doud nähert, dann ass dat e Virgang an deen en eenzelne Mënsch net soll agräifen. Net hie selwer an och net déi déi en a senge leschte Momenter begleeden. Dat ass d'Konzeptioun, déi d'Kommissioun festgehalen huet, an déi soll an e Gesetz ageschriwwe ginn, fir dass se Verbindlechkeet kritt. Mir sinn der Iwwerzeegung dass mer esou dat richtegt maachen, a mir erwaarden eis datt d'Konklusioune vun der Ethikskommissioun an hirem richtege Liicht opgeholl ginn, als Garantie vun engem Doud an Dignitéit.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. D'Wuert huet den Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Abrëll 2001 huet d'sozialistesch Fraktioun gefrot, dass eist Parlament sech sollt op en Neits mat der Fro vun der begleedender Stierfhëllef beschäftegen. Si huet dat deemools schréftlech verlaangt, nodeem nei Elementer agetratt sinn, haaptsächlech doduercher dass an Holland een neit Gesetz a Kraaft getratt ass an och an der Belsch sengerzäit eng nei legislativ Initiativ um Punkt war ze aboutéieren.

Mir hu gefrot dass déi zoustänneg Ethikskommissioun an der Chamber soll op en Neits, wéi hir Virgängerin dat Enn den 90er Jore gemaach huet, sech mat där doter Fro beschäftegen, fir dass mer kënnten eng öffentlech an eng politesch Debatt iwwert déi dote komplex Fro hei zu Lëtzebuerg féieren.

Mir hunn dat och gemaach well mer festgestallt hunn, dass déi Debatten, déi mer am Mäerz 1999, also praktesch genau viru véier Joer an dësem Parlament haten, eigentlech zu Lëtzebuerg ouni praktesch Auswierkunge bliwwe sinn, an dat obwuel d'Chamber a ganz enken Ofstëmmunge senger Zäit, ëmmerhin an enger Resolutioun, hir eege Meenung zum Ausdrock bruecht huet am Punkt vum Testament de vie, an awer an dräi Motiounen, wou se sech also un d'Regierung gewannt huet, der Regierung besonnesch am Beräich vun der Palliativmedezin e ganz kloren Optrag ginn huet.

Mir waren also der Meenung, dass esouwuel opgrond vun deem wat sech an der Belsch an an Holland an deene leschte Jore gemaach huet op legislativem Plang, wéi och op deem Näischtgeschéien hei zu Lëtzebuerg, et wichteg wär, dass eng Parlamentsdebatt zu deem Thema kënnt gefouert ginn. Dat ass haut de Fall, nodeem dräi Wochen no eiser Demande och de Premierminister hei am Numm vun der Regierung deklaréiert huet, déi Debatt sollt nach eng Kéier gefouert ginn, war et also och méiglech dass mer an der zoustänneger Parlamentskommissioun iwwer laang Hearingen, iwwert Debatten, déi mer intern gefouert hunn, da konnten elo schlussendlech zu dëser Debatt hei kommen, wou ech och hoffen dass dat soll eng Debatt net ouni Konklusioune sinn, mä dass mer definitiv hei eng kloer Richtung uginn, wou dës Chamber mengt, dass deen Dossier soll sech an nächster Zäit entwéckelen.

Leider muss ee feststellen, dass d'Regierungsofkommes, wat am Summer 1999 tëschent der CSV an der DP getraff ginn ass, eigentlech esou eng Entwécklung zu engem groussen Deel hypothekéiert. Well vu vireran eng ëmstridde Fro, mä awer eng wesentlech Fro, déi vun der Dépénalisatioun vun der aktiver Euthanasie vu vireran ausgeklammert ginn ass, well déi zwou Parteie senger Zäit gesot hunn, esou eppes wäert et an dëser Mandatsperiod bei eis net ginn.

Et ass also eigentlech nëmmen eng Deeldebatt déi kann offe stattfannen, wann d'Koalitiounsparteie bei hirer Meenung vum Summer 1999 bleiwen. Mir sinn och der Meenung, dass eng aner Ausso an deem Koalitiounsprogramm eis kaum weider bréngt, well do nëmmen dra steet dass weider soll studéiert ginn ob d'Législatioun iwwert den Acharnement thérapeutique, respektiv den Défaut d'acharnement thérapeutique géif duergoe fir eng Stroffräiheet vun den Dokteren an alle Fäll ze gewährleeschten. Et sollt awer, ausser engem kloeren Niet zur aktiver Euthanasie, am Fong weider studéiert ginn op anere Froen. Dat huet iwwregens d'Chamber och schonn 1999 gesot gehat. Do si mer also net vill weider.

Ech hale fest: Déi Ausso, déi de Premier gemaach huet, an déi eigentlech eis misst awer haut erlaben iwwer all Froe fräi ze diskutéieren, ouni a priori an ouni virgefaasste Meenungen um Niveau vun eenzelne Parteien oder d'Koalitioun vu Parteien. Hien huet deemools gesot, d'Debatt iwwert den Doud an iwwert d'Stierwen ass ni eriwwer. Mir wëllen aus dëser Debatt haut wierklech eng zweet Etapp maachen an deem Reflexiounsprozess, deen Enn den 90er Joren an dëser Chamber ugaangen ass, a wou mer wëllen d'Garantie hunn, dass mer awer schlussendlech um Enn vun den Diskussiounen haut den Owend net op däarselwechter Plaz landen, wou mer schonn am Mäerz 1999 an dësem Parlament waren.

An ech fäerten dass, wa mer net iwwert dat erausgi wat d'Koalitiounsparteien, ënnerstëtzt vum ADR, als Konklusiounen an hirem Rapport festgehalen hunn, da si mer zimlech genau op där Plaz wou mer viru véier Joer stoungen, an ech kann net erkenne wou doranner an iergendengem Sënn e Fortschrëtt an eisem Reflexiounsprozess kënnt ausgemaach ginn.

Fir eis Partei ass d'Fro vun der Stierfbegleedung, vun der Stierfhëllef eng politesch Fro am noble Sënn vum Wuert, eng politesch Fro mat staarken, etheschen Aspekter. Et ass also keng Spillwiss fir parteipolitescht Geplänkels an och net net fir Ofrechnung tëschent Parteien. Mir sollte wierklech, wéi vill Parteien dat ëmmer erëm betount hunn, hei d'Gewëssensentscheedung vum eenzelnen Deputéierten, d'Gewëssensfräiheet vum Deputéierten an esou enger ethescher Fro, spille loossen, an den Debatten an herno och bei der Ofstëmmung. Dat hunn d'Parteien deklaréiert gehat am Virfeld vun dëser Diskussioun.

Ech sinn allerdéngs e bëssen traureg festzestellen, dass se an der Tëschenzäit awer net ëmmer no deem dote Prinzip gehandelt hunn, nom Prinzip vun der Entscheedungsfräiheet an der Gewëssensfräiheet vum eenzelnen Deputéierten. Wär dat nämlech de Fall, dann däerf een net, wéi besonnesch d'Demokratesch Partei dat gemaach huet, sech andauernd op de Koalitiounsaccord beruffen, fir net esou wäit ze goe wéi een eigentlech selwer vläicht wëllt goen. E politeschen Accord tëschent Parteien, och tëschent Regierungsparteien, kann ni iwwert dem Gewësse vum eenzelnen Deputéierte stoen. Wann d'Gewësse spillt, dann däerfe keng aner Froe spillen. Da kann een net e Koalitiounsofkommes als iewescht Gesetz uruffen, fir eigentlech aus där Gewëssensfro eraus ze kommen.

Ech hoffen dass mer wierklech hei eng fräi Diskussioun kréien an dass och all Deputéierte sech fräi entscheet, egal wat am Summer 1999 tëschent den Delegatioune vun CSV an DP ausgehandelt ginn ass.

Ech muss och soen, wann een d'Gewëssensfräiheet an de Vierdergrond stellt, de Sérieux vun den Debatten an de Vierdergrond stellt, da passt et net gutt an d'Bild, wéi dat sech d'Koalitiounsparteie geleescht hu virun e puer Wochen, dass öffentlech via Pressebriefing vum Premier, respektiv Communiquéé vun der Demokratescher Partei, doriwwer gestridde gëtt, wien dann d'politesch Verantwortung an deem doten Dossier huet. Dat ass wierklech eng zweetrangeg Fro, do si mer wierklech am klengkaréierten, parteipolitesche Geplänkels, wat mer hei net brauchen a wat ech och hoffen dass mer haut net wäerte féieren.

Ech wäert probéieren, zesumme mat menger Fraktiounskolleegin, der Madame Err, an dësen Debatte fir d'éischt e Bilan ze zéie vun deem wat zënter Mäerz 1999 politesch hei zu Lëtzebuerg op deem dote Plang geschitt ass, fir d'prinzipiell Haltung vun eiser Partei duerzeleeën, wou och bei eis an der Fraktioun besonnesch et Nuancë ginn an der Positioun vun deem engen a vun deem aneren. Dat hu mer ni ofgestridden, dat hu mer esouguer schréftlech der Chamberskommissioun matgedeelt. An da schliesslech probéieren, wéi kënnten d'Konklusiounen an dëser Orientéierungsdebatt sinn, déi wierklech der Regierung och géifen eng Orientéierung ginn, well se géifen d'Meenungsbild majoritär vun dëser Chamber erëmspigelen op deene wichtegste Punkten.

E puer Wuert zum Bilan, e Bilan deen ee muss gesinn am Liicht vun deene Motiounen haaptsächlech, well déi hu sech jo un d'Regierung direkt geriicht, déi am Mäerz 1999 getraff gi sinn, wou zum Beispill gefuerdert ginn ass, dass en nationale Plang fir d'Palliativmedezin sollt opgestallt ginn, wou gefuerdert ginn ass, dass d'Regierung misst alles maache fir d'Formation continue vun den Dokteren a vum Fleegepersonal am Beräich vun de Soins palliatifs an d'Wee ze leeden.

Et ass fir mech de Constat vun engem relativen Echec, wann ech elo muss liesen, dass an där Motioun, déi den Här Rippinger am Numm vun der DP a vun der CSV deponéiert huet, genau déiselwecht Fuerderungen erëm eng Kéier opgegraff ginn a praktesch mat däerselwechter Formuléierung nach eng Kéier un d'Regierung gestallt ginn. Dat ass fir mech de beschte Bewäis, dass net vill passéiert ass an deene leschte véier Joer, soss misst een net nach eng Kéier d'Regierung opfuerderen en nationale Plang opzestellen. Deen nationale Plang besteet bis dato net, soss bräicht d'Koalitioun hir eege Regierung net nach eng Kéier extra dozou opzefuerderen.

Hei ass also an deem dote Punkt wéineg, wann net näischt passéiert am Laf vun deene leschte Joren, obwuel deemools d'Motioun eestëmmeg vu sämtleche Fraktiounen ugeholl ginn ass, also sécherlech och bindend war fir déi nei Regierung. Dëse Bilan ass also ernüchternd. En ass entäuschend. Op jidde Fall beweist en, dass e grousse Gruef besteet tëschent deene politesche Prétentiounen, déi an d'Vitrine gestallt ginn, an de konkrete Realisatiounen um Terrain, och wann do net eleng d'Responsabilitéit bei der Regierung läit. Ech kommen nach am Detail op déi dote Punkten zréck.

Well eis Kommissiounsaarbechten hunn eppes un d'Liicht bruecht, dat ass dass net nëmmen d'Motiounen net respektéiert ginn - dat ass leider Gottes näischt Neits hei zu Lëtzebuerg -, mä dass esouguer d'Gesetzer net voll respektéiert ginn. Esou gesäit zum Beispill d'Gesetz iwwert d'Etablissements hospitaliers vum August 1998 vir, dass a sämtleche Spideeler, entweder eenzel oder zesummen, sollen Ethikscomitéë bestoen, déi eng wichteg Funktioun hunn, grad an der Berodung vun de Leit, vun de Famillje vun de Patienten, déi mat enger schwiereger Situatioun konfrontéiert sinn; eng wichteg Neierung vun deem Gesetz vun 1998.

Mir hu misse feststellen, dass fënnef Joer no der Mise en vigueur vun deem Gesetz déi meeschten Etablissementer hei zu Lëtzebuerg déi Ethikscomitéen nach net emol op d'Bee gesat hunn. Wéi mer nogefrot hunn, wat se da géife schaffen, war betretenes Schweigen. Si missten nofroen. Et wousst emol kee wat se reell géife schaffen, ob se iwwerhaapt géife schaffen, an et ass, mengen ech, nëmmen opgrond vun deenen Aarbechten, déi hei an der Chamber gemaach si ginn, wou op eemol gesot ginn ass, Enn 2002, sämtlech Spideeler hunn dann elo en Ethikscomité. Ob se schaffen, dat wësse mer haut nach net.

Et muss een also feststellen, dass do grave Lacunë sinn, an et ass fir eis och ganz kloer, dass do muss eppes geschéien. Dat gëllt och fir

d'Struktur fir d'palliativ Soinë selwer, wou mer och wäit vun enger idealer Situatioun ewech sinn. Mir hunn eigentlech nëmmen dräi Spideeler, d'städtescht Spidol vun Esch, de Centre hospitalier an Ettelbréck, déi iwwer Strukture verfügen, déi deen Numm verdénge wat Palliativmedezin a Palliativsoinen ugeet.

Mir sinn eis awer alleguerten eens gewiescht, dass dat bei wäitem net duer geet, an et war och wéineg Bewegung an deene leschte Joren op deem dote Plang ze verzeechnen. Et ass also selbstverständlech dass eis Spideeler - si sinn an alleréischter Stell mol gefuerdert - op deem dote Plang mussen aktiv ginn, wat hir Strukture fir d'Palliativmedezin ugeet, wat och d'Ethikscomitéen ugeet, an all aner Obligatiounen, déi si iwwer Gesetz kritt hunn.

Et ass selbstverständlech och esou, dass eng Responsabilitéit bei de Krankekeese läit, déi zum Deel jo och mat de Spideeler verhandele wat d'Finanzéierung vun deenen dote Servicer ugeet. An och do muss een dofir suergen, dass de Kader klappt, wou déi Verhandlunge gefouert ginn, fir dass esou Unitéiten, esou Servicer, déi bluttnoutwendeg sinn, net doduerjer ofgewiergt ginn, dass se zu engem groussen Deel eleng vun de Spideeler finanzéiert musse ginn an net e Remboursement iwwert d'Krankekeese kënnt. An natierlech och Verantwortung vun der Regierung, a spezifesch dem Gesondheetsministère, déi dofir musse suergen dass d'Gesetzer am Gesondheetswiese respektéiert ginn, dee muss Incitatioune gi fir dass mer do viru kommen, an deen d'politesch Verantwortung fir dee ganzen Dossier dréit.

Mir stellen also fest, dass eng Rei vu Lacunen, déi schonn 1999 an der Chamber dénoncéiert gi sinn, och praktesch am selwechte Mooss haut nach eng Kéier kënnen dénoncéiert ginn, och wat d'Ausbildung vun den Dokteren an deem dote Beräich ugeet oder wat d'Ausbildung vum Personal ugeet. Do mussen obligatoresch Coursë virgeschloe ginn, do muss Formation continue gemaach ginn an do kënne mer net méi laang waarden.

Ech wëll och hei, wéi d'Virgänger dat gemaach hunn, eng besonnesch Unerkennung maachen, am Numm vun eiser Fraktioun, fir déi éirenamtlech Tätegkeet, déi besonnesch am Beräich vun der Stierfbegleedung hei zu Lëtzebuerg stattfënnt, vun deene ville Fräiwëllegen déi sech do eigentlech fir hir Matmënschen engagéieren. Dat ass fir mech en Exempel vu geliefter Solidaritéit um Déngscht um Matmënsch, deen eng offiziell Unerkennung verdéngt. An ech verweisen do op déi sozialistesch Virschléi, déi mer allgemeng gemaach hu fir d'Promotioun vum Bénévolat, mat der sozialer Ofsécherung, mam Congé associatif, mat Formatiounsbäihëllefen, wou leider nëmmen e Brochdeel, haaptsächlech d'Agence du bénévolat, vun dëser Regierung zréck behale ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis Partei steet an där ganzer Fro do de Mënsch, de Patient am Mëttelpunkt vun eisen Iwwerleeungen. Spezifesch hei den doudkranke Mënsch, dee konfrontéiert ass mat senger Krankheet, mat senger Péng, mat sengem kierperlechen a geeschtleche Verfall, mat sengen Ängschten och sécherlech, mat sengem Wonsch och weider ze liewen, weider ze liewen ouni Péng, gutt betreit, ëmgi vu senger Famill a vu senge Frënn.

Dat ass eng Idealvirstellung, déi jiddfereen huet, fir sech an och fir déi Leit déi e gären huet, déi awer leider net ëmmer d'Realitéit ass. An dofir brauche mer eng flächendeckend Stierfbegleedung. Mir brauchen d'Betreiung, d'Fleeg vum Patient, besonnesch am Endstadium vu senger Krankheet. Mir wëssen awer och, dass bei allem Ausbau vun der Palliativmedezin net alles ze bewierken ass an dass et och haut Fäll ginn, Gott sei Dank nëmmen eng Minoritéit, wou d'Palliativmedezin entweder nach net sou agesat gëtt wéi se et misst sinn oder och net kann alles bewierken. Dat gëtt et, et ginn och haut nach zu Lëtzebuerg Leit déi mat enger gewëssener Péng eleng, no engem grousse Verfallprozess, musse stierwen.

An et ginn déi Leit, an och vläicht anerer, déi fir sech décidéiert hunn, konfrontéiert mat enger fataler Krankheet, dass se net méi wëllen esou weider liewen, dass si net wëllen nokucken, matmaachen, wéi se no an no ofhuelen, kierperlech, geeschteg, an dass se wëllen, nach kloer am Kapp, am Besëtz vun hire meeschte Kräften, eben aus dem Liewen ausscheeden, well dat wat si matmaache fir si d'Negatioun ass vun all deem wat fir si eigentlech d'Liewen duerstellt.

D'Recht also op e mënschewierdegt Stierwen, d'Recht op d'Selbstbestëmmung bis zum Doud, vläicht souguer grad an der leschter Phas virum Doud, dat si fir eis fundamental Rechter vum Eenzelnen, sief gesot, e fräie Choix hunn, wéi een eigentlech aus dem Liewe wëllt scheeden, wann ee mat enger fataler Krankheet konfrontéiert ass a mat all deem wat dorunner hänkt.

Ech wëll och drun erënneren, dass de Selbstmord an eisem Rechtssystem keen Delikt ass, mag dat aus reliéisen Ursaachen e Feeler sinn, mä et ass fir eis an eisem Rechtssystem keen Delikt. A firwat soll een eigentlech deem eenzelne säi Wonsch verwieren an enger absolut inextricabler Situatioun, ouni Auswee also, doudkrank, sengem Liewen dezent wëllen en Enn ze bereeden oder en Enn vu sengem Liewen erbäizeféieren?

Et ginn natierlech haut an de Rechter, an dat fir jiddfereen, ganz kriddeleg Grenzfäll, ganz kriddeleg Hypotheesen an, egal wéi mer légiféréieren, bleiwen ëmmer Grenzfäll bestoen. Dat ass natierlech besonnesch an deem Fall, wou de Kranke selwer net méi à même ass fräie Wëllen ze äusseren. An deem dote Fall muss ee sech also Prozedure ginn, et muss ee Regele festhale wéi dee Wëlle ka fonnt ginn, selbstverständlech an engem Zesummespill vun Dokter a Patient, insofern dat nach an deem dote Fall méiglech ass.

Famill, Bekannten, Vertrauenspersounen, dat ass alles e ganz komplext Zesummespill, a jiddfereen deen eng Kéier bei sech an der Famill mat esou enger Situatioun konfrontéiert ass, dee weess ongeféier wéi dat dote sech haut mécht. Mä hie weess awer och dass dat, wat sech an eenzelne Fäll mécht, wann een d'Texter ganz restriktiv interpretéiert, eigentlech net conforme zu eisem Gesetz ass an eigentlech kéint vum Strofrecht hier verfollegt ginn.

An dofir mengen ech, dass een also op där enger Säit d'Recht op d'Selbstbestëmmung vum Eenzelnen huet, op där anerer Säit awer och d'Recht vum Dokter fir eng gewësse Rechtssécherheet bei senger Aarbecht ze hunn, déi e mécht. Seng Haaptmissioun ass, an dat stellt keen a Fro, fir Liewen ze erhalen, fir Liewen ze retten. Dat kann net anescht sinn an dat muss och sou bleiwen. Mä doniewent awer stelle sech an der Aarbecht vum Dokter ganz komplizéiert Situatiounen, ganz haart Situatiounen, wou hien am Gespréich mam Patient, am Gespréich mat der Famill, och op aner Mëttelen zréckgräift.

D'Beispill ass scho genannt ginn, wou zum Beispill op Schmerzmëttelen zréckgegraff gëtt a mam Eropsetze vun den Dosisë schlussendlech dann och praktesch de Krankheetsprozess beschleunegt gëtt an da schlussendlech zum Doud vum Patient féiert. D'Schmerzmëttele ginn eropgesat, ënnert der klorer Erkenntnis dass dat bannent enger relativ kuerzer Zäit wäert zum Doud vum Patient féieren. Dat gëtt bei Kriibskranke gemaach, et gëtt och an anere Fäll duerchgezunn, no Récksprooch mat der Famill a mam Patient, wann dat nach méiglech ass.

Ech mengen dovunner soll ee schwätzen. Mir sinn hei, mengen ech, fir ouni Tabuen un déi dote Froen erunzegoen, an et ass fir mech relativ kloer, dass déi dote Fäll, déi net d'Regel sinn, mä déi et awer gëtt - ech menge jiddferee weess plus au moins dovunner -, par rapport zu eise Strofgesetzer eigentlech haut strofbar sinn. An dat kann ënner Non-assistance à personne en danger falen, dat kann ënnert den Empoisonnement falen, et kann à la rigueur souguer ënnert de Meurtre falen.

Et ass also fir mech ganz kloer, dass aus Iwwerleeunge fir de Patient, aus Iwwerleeunge fir d'Rechtssécherheet vum Dokter bei senger Aarbecht, muss légiféréiert ginn. Mir kënnen déi Situatioun, déi mer elo hei zënter Jorzéngte kennen, net weider bestoe loossen.

Eng Méiglechkeet fir virun ze kommen - an eis Partei schwätzt sech fir eng Dépénalisatioun vun der Euthanasie volontaire aus, also vum Patient gewënschten Euthanasie - kéint déi sinn, iwwert de Wee vun enger Justification pénale ze fueren. Dat muss net deen eenzege Wee sinn. Aner Weeër sinn och schonn an der Vergaangenheet opgezeechent ginn. D'Justification pénale, wou mer et eigentlech mat enger Dépénalisatioun ze dinn hunn, well déi Texter soen: „il n'y a pas d'infraction si", wann, an deem heite Fall den Dokter, ënnert engem gewëssenen Drock gehandelt huet oder duerch d'Gesetz autoriséiert ass an engem gewëssene Fall ze handelen. Et ass also eng Form vun Dépénalisatioun, déi iwwert de Wee vun enger Justification pénale duerchgefuer gëtt.

Et bleift, dass mer hei mussen handelen. Mir mussen handelen och wat d'Wëllensbekundung vum Patient ugeet, mä dat hat déi viregt Chamber scho gesot. An enger ganz enker Ofstëmmung huet se sech deemools fir den Testament de vie ausgeschwat an - an dat schéngt mer awer wesentlech ze sinn an dat feelt an der Motioun vun der Regierungskoalitioun - och fir eng zentral Stell, wou déi Testamenter do kënnen nogefrot ginn, esou wéi mer dat bei normalen Testamenter hunn. Dat kann an der Direction de la Santé sinn. Dat kann am Enregistrement sinn.

Fir eis ass et awer och wichteg, dass déi Testamenter do natierlech zu all Moment kënnen ofgeännert ginn - dat schéngt mer selbstverständlech ze sinn -, mä awer och inhaltlech net däerfte beschränkt sinn. Et schéngt mer ganz kloer ze sinn, dass do muss eng Fräiheet sinn an dass dat Testament da fir den Dokter a fir d'Famill eng Indikatioun duerstellt, wéi se sech an deem spezifesche Fall do verhale sollen.

Ech kommen zum Schluss, andeem ech soen dass mer als sozialistesch Fraktioun, zesumme mat deene Gréngen, hei en Text wäerte presentéieren, eng Resolutioun, well mer mengen dass hei d'Gewëssensfräiheet vum Deputéierte spille soll, an net e Glaubensbekenntnis par rapport zu enger Koalitioun oder zu enger Regierung. Mir sollten eis als Chamber hei drop festleeë wat majoritär d'Meenung vun der Chamber zu deene wesentleche Punkten ass, sief dat d'Palliativmedezin, sief dat d'Stierftestament, mä awer och d'Euthanasie volontaire, wou mer, mengen ech, ganz kloer soen, dass do muss eng Dépénalisatioun kommen, wat iwwregens - do muss ech dem Här Rippinger widderspriechen - eng majoritär Positioun an der Kommissioun war.

Op déi Froen, op déi geäntwert gi sinn, war bei enger vun de Froen eng kloer Majoritéit do. Dat war déi: Sidd Der fir eng Dépénalisatioun vun der Euthanasie volontaire? Do huet d'DP Jo gesot, d'LSAP huet Jo gesot an Déi Gréng hu Jo gesot. Et ass also falsch et hei esou duerzestellen, wéi wann do keng Majoritéit gewiescht wier. Et war vläicht net déi Majoritéit, déi dës Koalitioun wollt, mä et war eng Majoritéit do, an eigentlech misste mer haut déiselwecht Majoritéit op deem dote Punkt kréien, wa wierklech jiddfereen hei esou ofstëmmt wéi hie bei sech denkt.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marco Schroell agedroen. Den Här Schroell huet d'Wuert.

M. Marco Schroell *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Debatt zu Lëtzebuerg iwwert d'Réglementatioun vun der Stierfhëllef dauert elo scho méi wéi zéng Joer an ass besonnesch intensiv an deene leschte véier Joer ginn, no engem éischten Débat d'orientation hei an der Chamber 1999...

Une voix.- Dat war scho virdrun.

M. Marco Schroell *(DP)*.- ...an nodeem Holland am Joer 2001 an d'Belsch 2002 um legislative Plang an dëser Matière aktiv gi sinn. Et ass erfreelech, dass déi Motiounen a Resolutiounen, déi deemools vun der Chamber adoptéiert goufen, elo endlech zeideg si fir an eis Gesetzgebung opgeholl ze ginn, esou wéi dat aus dem excellente Rapport vum Jean-Paul Rippinger, dem President vun der Ethikskommissioun, ervirgeet.

Wat d'Médecine palliative ugeet, widderhuelen ech wat ech scho bei deene leschte Budgetsdebatte gesot hunn: Den Accès zu de Soins palliatifs ass haut e Recht fir all Persoun vu jiddfer Alter, déi stierweskrank ass, sief dat duerch Kriibs, eng degenerativ Nervekrankheet, Aids, eng Häerz- oder Niereninsuffizienz an esou weider.

Wann ech franséisch Zifferen extrapoléieren, da bräichten all Joer zu Lëtzebuerg 1.500 bis 2.000 Leit eng Hëllef um Enn vun hirem Liewen. Franséisch Enquêtë weisen, dass 10% vun den hospitaliséierte Patiente vun de Soins palliatifs profitéiere kéinten. D'Spidolsgesetz vun 1998 erwähnt expressis verbis d'Recht op eng palliativ Fleeg, mä ech soen näischt Neies wann ech behaapten, dass d'Moyenen de Moment ongenügend sinn.

Um Niveau vun de Spideeler misst eng gewëssen Zuel vu Better fir Soins palliatifs dédiéiert sinn an dës Better missten ausserhalb zu der Zuel vun den Akutbetter gefouert ginn. Dat ass de Moment eenzeg an eleng am Escher Spidol de Fall. Bei der Personaldotatioun muss d'UCM dem aussergewéinlechen Nursing vun dëse Patiente Rechnung droen. D'Spideeler a Frankräich an an der Belsch hunn e spezifesche Budget fir d'Equipes soignantes vun de Soins palliatifs.

Mä mir sollen net nëmmen un d'Spideeler denken. Den Accompagnement de fin de vie soll och doheem méiglech sinn, wann d'Leit dat gären hätten. Dat ass leider de Moment kaum méiglech, well déi néideg Strukturen an de Finanzement net do sinn. D'Réseauen, déi sech ëm d'Soins à domicile këmmeren, géife gären hei asprangen, mä déi heiteg Strukturen erlaben et net. D'Interface mat de Spezialisten an de Spideeler ass net formaliséiert a leeft nëmmen am Kader vum Bénévolat.

D'Fleegversécherung ass net géeegent fir d'Soins palliatifs ze iwerhuele wéinst hirer laangwiereger Procédure d'évaluation an hirem Optrag, dee méi op eng chronesch Dépendance opgebaut ass, woubäi d'Soins palliatifs bekanntlecherweis e puer Deeg bis e puer Wochen nëmmen daueren.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

D'UCM op hirer Säit fiert mat Nomenklaturen, déi net fir de multidisziplinaresche Charakter vun de Soins palliatifs géeegent sinn. Dofir gëtt villersäits e Forfait palliatif gefrot, esou wéi dat och a Frankräich an an der Belsch de Fall ass. Ech mengen dat ass deen eenzege Moyen fir hei weiderzekommen, a mir musse weiderkommen, well net jiddferee wëllt an d'Spidol stierwe goen oder an en Hospice, a well eng palliativ Behandlung doheem och de Budget vun der Krankekeess vill wéineger belaascht wéi am Spidol, an net zulescht well an der Debatt iwwert d'Euthanasie ëmmer erëm déi ongenügend Offer vun de Soins palliatifs ugeprangert gëtt.

Här President, et besteet e grousse Konsens hei am Haus géint den Acharnement thérapeutique. Den Iwwergang vun der kurativer Behandlung zur palliativer, dat heescht symptomatescher Behandlung, soll an Zukunft esou regléiert ginn, dass d'Dokteren net méi kënne wéinst Non-assistance à personne en danger ugeklot ginn. Fir awer sécher ze stellen, dass dësen Iwwergang aus medezineschen an etheschen, an net aus sozio-ekonomesche Grënn geschitt, soll de Patient selwer eventuell iwwer eng Disposition de fin de vie seng Meenung geäussert hunn. A défaut kann de Comité d'éthique hospitalier, deen am Spidolsgesetz vun 1998 instituéiert gouf an an ëmmer méi Spideeler fonctionnéiert, eng Entscheedungshëllef duerstellen.

Et gouf vill gestridden an der Kommissioun, ob dës Dispositions de fin de vie eng Reconnaissance légale misste kréien. Op jidde Fall gëtt esou en Dokument ganz wäertvoll Informatiounen un de Dokter, un d'Famill an un de Frëndeskrees, wann déi betreffend Persoun net méi fäeg ass am Dialog seng Meenung ze äusseren.

Här President, wa mer hei an der Chamber also iwwert d'Soins palliatifs, iwwert de Refus de l'acharnement thérapeutique an iwwert d'Dispositions de fin de vie eis eens sinn, da bleift - a wéi wär et och anescht méiglech - de Problem vun der Euthanasie a vun der Aide au suicide dat delikat Thema wou jiddferee mat sengem eegene Gewësse muss fäerdeg ginn.

De Rapport vun der Ethikskommissioun weist drop hin, dass ethesch gesinn dräi fundamental Wäerter sech hei opposéieren, an zwar de Respekt virum Liewen, déi individuell Autonomie an Autodéterminatioun vum Patient an net zulescht seng Dignité humaine, dat heescht seng mënschlech Würd.

Ech respektéieren all déi Leit, déi prinzipiell d'Liewen als helleg an inviolabel betruechten. Mat villen anere mengen ech awer, dass d'Dignitéit vum Liewe mindestens esou eng Valeur duerstellt wéi d'Liewe selwer. All Mënsch muss d'Recht hunn op e mënschewierdegen Doud, dat heescht ouni iwwerdriwwe physesch, psychesch oder moralesch Péng oder Leed ze stierwen. Ass dat net de Fall, da muss deen Eenzelnen d'Recht hunn op Autodéterminatioun, dat heescht selwer bestëmmen ze kënne wéini dass et duer geet. Ech sinn der Meenung, dass a gewësse Fäll eng Persoun soll gehollef kréien ze stierwen, sief et duerch eng Aide au suicide oder duerch eng aktiv Euthanasie, esou wéi dat jo schonn haut praktizéiert gëtt. Leider nëmmen nach am Geheimen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. Marco Schroell *(DP)*.- Här President, ech si mam

François de Closet d'accord, wann hie seet d'Euthanasie wier keng politesch Entscheedung, mä eng Noutwendegkeet, déi sech aus der moderner Medezin ergëtt. Virun 100 Joer huet den Dokter d'Stierfzëmmer verlooss fir dem Paschtouer d'Feld ze iwwerloossen. Haut gëtt am Spidol esou laang wéi méiglech gestuerwen, wochelaang, méintelaang.

D'Palliativmedezin kann an deene meeschte Fäll hëllefen, awer net ëmmer. Et gëtt Leit, déi mat hirer Astellung zum Liewen an zum Doud, zur Dignitéit an hirem Bedürfnis op Autonomie, net vill mat Palliativfleeg kënnen ufänken.

Haut geet et drëm, ziviliséiert an demokratesch mam Liewensenn ëmzegoen. Déi Dokteren, déi haut schonn engem Patient hëllefen ze stierwen, maachen dat meeschtens aus Compassioun, aus Nächsteléift. An déi Patienten hate Chance, dass se deen Dokter op hirer Säit haten, an dat obschonns deen Akt strofrechtlech engem Mord nach ëmmer gläichgestallt gëtt. Dës heemlech Euthanasiepraxis enthält awer e Risiko vun Dérapage, deen, menger Meenung no, méi grouss ass, wéi dee vun enger gesetzlecher Regelung, esou wéi dat an Holland an an der Belsch de Fall ass.

Et also falsch ze mengen, dass eng gesetzlech Regelung d'Euthanasie géif afeieren. Et geet vill méi drëm ënner gewësse Bedingungen den Akt stroffräi ze maachen. D'Argument, dass eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie zu engem Dérapage, zu enger Dérive, wéi dat am leschte Weltkrich ënnert den Nazien de Fall war, kënnt féieren, ass, menger Meenung no, net begrënnt, ënnert der Bedingung dass mer vun der Euthanasie volontaire ausginn. D'Nazien hate 70.000 geeschteg krank Mënschen als „lebensunwert Gestalten" ëmbruecht. Ech mengen, mir schwätzen haut vun eppes ganz aneschters. Mir schwätze vu Leit déi onheelbar krank sinn, déi wéi hunn, déi hir Existenz als onwürdeg ëmfannen an déi ausdrécklech froe fir erléist ze ginn.

Besonnesch interessant fir mech aus berufflecher Siicht ass d'Referenz vun den Euthanasiegéigner vis-à-vis vun der Déontologie médicale, vis-à-vis vun der Relatioun mat dem Dokter an dem Patient, a vis-à-vis vun der sozialer Perceptioun vum Dokteschberuff.

De Corps médical ass, wéi déi aner Gesellschaft och, an dëser Problematik gespléckt. Den Dokter kann a senger Beruffsausübung keen aneren Objektif hu wéi den Intérêt vu sengem Patient ze vertrieden, dee sech him jo uvertraut. Hei gëtt den Hippokrates ëmmer erëm beméit, woubäi ech awer ze bedenke ginn, dass et zu Hippokrates-Zäite keng Reanimatioun a keng Soins intensifs gouf. Ech weess net, ob ee mat engem jordausend ale Kodex haut nach eng modern Medezin ka maachen.

An da besteet déi Angscht, dass eng Réglementatioun vun der Euthanasie d'Relation de confiance tëscht Patient an Dokter kéint ënnermaueren. Ech menge just de Contraire ass de Fall. Stierfhëllef ass ee Corollaire vun der moderner Medezin. Stierfhëllef an Hëllef zum Suicide sollen als en demokratescht Recht ugesi ginn, dat jiddfer Bierger zougänglech gemaach gëtt, an zwar duerch gesetzgeberech Moossnamen am Sënn vun der Stroffräiheet, allerdings ënner kloer definéierte Viraussetzungen.

Här President, ech wëll zum Schluss nach op ee Cas particulier hiweisen, vun deem bis elo wéineg geschwat gëtt, deen awer trotzdeem zu dëser Debatt gehéiert.

Néonatalogie ass e Fach vun der Pédiatrie, dat sech ëm krank Neigebueren an haaptsächlech ëm fréigebuere Kanner këmmert. Dës Disziplin huet an deene leschten 30 Joer immens Fortschrëtter gemaach, sou dass et haut méiglech ass extrem fréigebueren an onräif Kanner duerch eng intensiv Behandlung um Liewen ze halen, ënnert dem grousse Risiko allerdings, dass et schonn an deenen éischten Deeg zu Schiedegungen, notamment um Gehier, ka kommen.

All déi Kanner kréien haut eng Chance bei der Gebuert a ginn intensiv behandelt fir um Liewen ze bleiwen. Mä an deene Fäll, wou et am Laf vun der Behandlung zu esou enger Komplikatioun kéim, déi mat enger katastrophaler Iwwerliewensqualitéit, dat heescht mat engem schwéieren Handicap verbonne wier, stellt sech den Elteren an der Equipe soignante deen ethesche Problem vum Acharnement thérapeutique, respektiv vun der aktiver Euthanasie.

De franséische Comité consultatif national d'éthique pour les sciences de la vie et de la santé huet sech viru kuerzem mat dëser Problematik ausernee gesat an huet och an esou Fäll eng aktiv Stierfhëllef als ethesch défendabel erkläert.

Här President, all Mënsch ass haut d'accord dass et, ethesch gesinn, Situatioune gëtt wou d'Euthanasie défendabel ass. Eis Nopeschlänner Holland an d'Belsch hunn de Schrëtt gemaach an hunn doraus och gesetzlech Konsequenze gezunn.

A wéi enger Form d'Euthanasie an d'Aide au suicide och hei am Land stroffräi gemaach kéinte ginn, bleift ze diskutéieren. Et musse Kritäre kloer definéiert ginn, wéi zum Beispill den ausdrécklechen a widderhuelte Wonsch vum Patient, mëndlech oder schréftlech iwwert d'Disposition de fin de vie, grad esou wéi d'Zouzéie vu mindestens engem zweete Medeziner, deen déi onheelbar Krankheet an de Wonsch vum Patient bestätege muss. Ze vill bürokratesch Schikanen allerdings, esou wéi se an der Proposition de loi Err-Huss proposéiert ginn, sollten awer évitéiert ginn. Am Fong sinn ech awer mat dëser Propositioun d'accord.

Här President, ofschléissend hoffen ech, dass an nächster Zukunft déi Lëtzebuerger Gesellschaft an hir Politiker dës wichteg gesellschaftlech Reforme mat Courage an Toleranz am Intérêt vun eise Matbierger wäerten ugoen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Schroell. Den nächsten Orateur ass den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll als éischt dem Rapporteur, dem Kolleeg Jean-Paul Rippinger, merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport, ee Rapport deen opgrond vum komplizéierte Sujet an den Divergenzen an de Vuen net esou einfach war fir ze rédigéieren.

D'Diskussiounen an der Kommissioun ware sachlech, interessant an hu gewise wéi komplex d'Matière ass, an dass ee gutt beroden ass virsiichteg an där Matière virzegoen. Et ass net fir d'éischt an och net fir d'lescht, mat Sécherheet, dass mer hei an der Chamber iwwert dësen delikate Sujet vun der Euthanasie wäerte schwätzen.

Wann een de Rapport vun der Ethikskommissioun liest, dee mer hei virleien hunn, da kann ech, nodeems mer an eiser Fraktioun doriwwer diskutéiert hunn, mat rouegem Gewësse soen, dass den ADR prinzipiell mat de Konklusioune vun dësem Rapport kann averstane sinn. Wat zwar opfält ass d'Tatsaach, dass dëse Rapport sech net vill vun deem vum Mäerz 1999 ënnerscheet. Dat ka sinn, well mer an där kuerzer Zäit zënter 1999 net onbedéngt zu neie Konklusioune konnte kommen. Dat kann awer och sinn, dass mer eis an där komplexer a ganz sensibeler Matière vun der Euthanasie am Krees dréinen an dass d'Euthanasie nun emol keen Thema ass, mat deem ee kann a soll Parteipolitik maachen.

Genee dat schéngen awer verschidde Leit heibannen, zumindest indirekt, ze maachen. Ënnert dem Virwand d'Leed vun de Leit, déi um Stierwe leien, wëllen ze linderen, gëtt hei oft d'Euthanasie bal als Allheilmittel propagéiert. Ech komme spéider nach eng Kéier dorop zréck.

Dëse Sujet ass awer beileiwen ze eescht fir Parteipolitik domat ze maachen. Dat kënnt eleng doduerch zum Ausdrock, dass et fir vill Leit eng Gewëssensfro iwwer ethesch a moralesch Usiichten ass an an där Fro vun der Euthanasie all Deputéierten dofir seng eege Meenung zum Ausdrock bréngt. D'Parteie kënne just eng allgemeng Richtlinn virleeën. Deem jeeweilegen Deputéierte bleift et iwwerlooss dëser Richtung zouzestëmmen oder awer anerer Meenung ze sinn. Esou ass et zumindest an eiser Fraktioun.

Als Member vun der Ethikskommissioun kënnt et mir zou fir d'Positioun vum ADR, déi majoritär gedroe gëtt, an dëser Fro virzeleeën. Mir sinn eis allerguer bewosst heibannen, dass d'Stierwe vun engem Mënsch net ëmmer plötzlech an ouni Péng viru sech geet, mä dass hannert dem Stierwen och oft e grousst Leed ka stoen an dass d'Stierwe mat engem laange Leide ka verbonne sinn. Et ass also net verwonnerlech, dass, wann een esou e Mënsch sech selwer iwwerléisst an him net déi néideg Hëllef, esouwuel um Niveau vun der Péng wéi och um Niveau vun der séileger Betreiung, zoukomme léisst, dëse Mënsch a senger Verzweiflung ka bis zum Selbstmord iwwergoen, wann en dat nach am Stand ass ze maachen.

Eis ganz Gesellschaft steet an all deene Froen, déi mat Doud a mat Stierwen zesummenhänken, an enger grousser Verantwortung. Ganz oft ass awer och d'Diskussioun an d'Informatioun fir de Bierger ze vill iwwerflächlech a simplistesch duergestallt, esou dass Froen, déi de Kär vum Problem beréieren, net oft a voller Sachkenntnis behandelt ginn. Leider ass awer och jorzéngtelaang net vill op dësem Gebitt ënnerholl ginn. An eiser moderner Medezin huet de Mënsch laang Zäit net vill gezielt. D'medezinesch Fortschrëtter hunn dem Mënsch net nëmme gedéngt, mä och heiansdo geschuet. Maschinnen eleng maachen e Mënsch och net ëmmer méi gesond, wann dës Persoun um stierwe läit.

D'Tatsaach, dass d'Palliativmedezin hei zu Lëtzebuerg nëmme wéineg entwéckelt ass, an dass an deene meeschte Spideeler et nach keng Ethikscomitéë gëtt, obschonn dëst vum Gesetz virgeschriwwe gëtt, beleet dësen Ëmstand, dass nach vill Nohuelbedarf besteet.

De Rapport vun der Ethikskommissioun ass ganz kloer op dësem Punkt. Mir sinn eis also och alleguer eens heibannen, dass de Mënsch a senger leschter Rees am Liewe begleet, gefleegt a virun allem gehollef muss kréien. Iwwert d'Aart a Weis, wéi dat ze geschéien huet, ginn d'Meenungen heibannen auserneen, och wa mer vum Prinzip hier all d'Noutwendegkeet vun der Hëllef agesinn.

An der ganzer Debatt dierfe mer awer net vergiessen, dass et hei net nëmmen ëm déi simplistesch Fro geet fir iwwer e Gesetzestext ofzestëmmen. Et geet net nëmmen ëm e reng legislativen Text. An dëser Debatt geet et ëm d'Grondprinzipie vun eiser Gesellschaft, dem Fundament vun der Gesellschaft, an ee vun dëse Grondprinzipien ass de Schutz vum Liewen.

Bis elo war de Prinzip vum Schutz vum Liewen en Tabuthema, an dat zu Recht. Eis ganz Gesellschaft ass ënner anerem op dëse grondleeëende Prinzipien opgebaut. Esou mussen d'Dokteren en Eed leeschten, dee se verflicht Liewen ze erhalen an alles dofir ze maachen. En anert Beispill ass de Prinzip „de porter assistance à personne en danger", wat ënner anerem zum Beispill bedeit, dass een enger Persoun, déi sech d'Liewe wëllt huelen, vun hirem Akt muss ofhalen. Erkenne mer dëse Prinzip net méi un, bedeit dat, dass een all Persoun, déi sech d'Liewe wëllt huelen, gewäerde léisst, mam Argument dass dat jo de Wëlle vun där betreffender Persoun ass. Dat werft all déi Prinzipien, déi bis elo gegollen hunn, iwwert de Koup.

Dat wat bis elo also guer net zur Diskussioun stoung, gëtt elo duerch déi politesch Debatt iwwert d'Euthanasie a Fro gestallt. Mir warne virun esou engem Schrëtt, wou d'Auswierkungen op eis Gesellschaft elo nach net ofzeschätze sinn. Hei gëtt eng Debatt iwwert d'Wäerter an eiser Gesellschaft lancéiert, déi an där doter Form net sënnvoll ass. Mä fuere mer der Rei no.

Wann ech virdru vun engem breede Konsens geschwat hunn, dee mer heibannen an enger ganzer Rei vu Froen hunn, da betrëfft dat sécherlech och eng vun deenen éischte Froen, déi sech am Zesummenhank mam stierwe stellt, nämlech dem Acharnement thérapeutique. Den Acharnement thérapeutique ass am Fong eng Manéier, déi eréischt mam medezinesche Fortschrëtt opgetaucht ass. Wa fréier d'Doktere frou ware fir e kranke Mënsch einegermoossen a während enger kuerzer Zäit weider um Liewen ze erhalen, esou huet déi modern Medezin mat all hiren Apparaturen a Medikamenter dozou gefiert, dass Mënschen, déi fréier net eng Minutt oder e puer Minutten iwwerlieft hätten, elo nach Wochen, Méint, jo esouguer Jore kënne weider liewen. A ganz ville Fäll ass dat e wonnerbaart Resultat, an dat huet och wesentlech zu enger genereller, méi héijer Liewenserwaardung bäigedroen.

Leider gouf et an der Vergaangenheet a gëtt et och haut nach eng kleng Zuel vu Fäll, wou zwar de Mënsch um Liewe gehale gëtt, mä wou den Zoustand vun dësem Patient d'Bezeechnung Liewen eigentlech net méi rechtfäerdegt. Dobäi schwätze mer emol net onbedéngt iwwert d'Liewensqualitéit, déi jo ëmmer eng subjektiv Appréciatioun ass, mä mir schwätzen hei vun engem aussichtslosen Zoustand vun engem Patient, wou keng Hoffnung méi op Besserung besteet, a sief et mat nach esou engem groussen Opwand vu medezineschen Hëllefsmëttelen, a wou dem Dokter seng sënnvoll oder sënnlos Versich, hei nach eng Besserung erbäizefeieren, vu virera veruerteelt sinn.

Wann en Dokter hei seng Grenzen net erkennt, an de Patient praktesch nëmmen nach als Versuchskandidat betruecht fir nei Methoden oder Medikamenter ze testen, da si mer am Acharnement thérapeutique. De Code de déontologie vun den Doktere verbitt den Dokteren iwwregens dësen Acharnement thérapeutique. Dat ass also e Punkt, wou et hei an der Chamber keng Divergenze gëtt. Jiddereen heibannen ass géint esou eng Praxis, an et ass elo un der Chamber dofir ze suergen, dass en Dokter, deen dem Acharnement thérapeutique net zoustëmmt, de Réck fräigehale kritt an dass verhënnert gëtt, dass e juristesche Poursuiten ausgesat gëtt.

Et versteet sech vum selwen, dass och weiderhin all Dokter fir seng Feeler responsabel bleift an zur Verantwortung gezu muss ginn. Dem ADR seng Positioun an dëser Fro ass also méi wéi kloer: Neen zum Acharnement thérapeutique. Fir dass dat och an der Praxis ka funktionéieren, ass et absolut noutwendeg, fir dass et an all Spidol eng Commission d'éthique gëtt, déi der Famill an dem Dokter berodend zur Säit steet, wann et Onklorheeten a Bezuch op den Acharnement thérapeutique gëtt.

Dës Positioun an déi dozou gehéiert Fuerderung no enger Commission d'éthique an all Spidol ass net nei. Schonn am Mäerz 1999 hu mer hei an der Chamber genee déi nämlecht Aussoe quiesch duerch all Parteien héieren, an trotzdeem hu mer an der Ethikskommissioun misse feststellen, dass zënter 1999 an där Fro bal näischt geschitt ass. Dat ass einfach net ze verstoen. Hei ass d'Regierung gefuerdert, an den zoustännege Minister muss endlech de Wonsch vum Parlament respektéieren.

Natierlech begréisse mir, dass d'Parteie sech elo alleguer eens si wat den Acharnement thérapeutique betrëfft, esou dass mer hoffentlech an dräi oder véier Joer dëse Punkt net nach eng Kéier mussen heibannen debattéieren.

De Wonsch no der Euthanasie, oder och nach aktiv Stierfhëllef genannt, ass e Wonsch deen net bei all Patient entsteet. Mä wann en entsteet, da ganz oft well déi herkömmlech Medezin versot huet. Dat heescht, dass de Patient net dee richtegen Traitement kritt fir zum Beispill keng Péng ze hunn, oder awer well de Patient a sengem Leed a mat senger Angscht eleng gelooss gëtt. Dat anonymt Stierwen an de moderne Spideeler ass sécherlech eng vun de schéine Begleiterscheinunge vun der moderner Medezin. De Wonsch fir d'Liewen esou laang wéi méiglech ze erhale stoung laang Zäit iwwert dem Wonsch fir gutt ze liewen. Fir dësem Mëssel en Enn ze maachen ass dofir virun enger gewëssener Zäit d'Palliativmedezin entstanen. Dës Spezialisatioun vun der Medezin ass extra dowéinst entstanen, fir de Patient an der leschter Phas vu senger Krankheet bis zu sengem Doud ze begleeden. Bei dëser Form vun der Medezin steet net méi d'Heelen un éischter Plaz, mä de Wonsch dem Patient nach e Maximum u Liewensqualitéit ze erméiglechen. Dozou gehéiert natierlech och dass de Patient keng Péng huet an dass e séilesche Bäistand kritt.

Bei all de Parteien hei an der Chamber besteet de Wonsch dës Palliativmedezin hei zu Lëtzebuerg weider auszebauen, woubäi ausbauen am Fong de falschen Ausdrock ass, vu que dass se bis elo praktesch net besteet, mat Ausnahm zu Esch, am Centre Hospitalier an zu Ettelbréck. Se muss als éischt emol flächendeckend opgebaut ginn, an zwar an alle Spideeler, awer doriwwer eraus och d'Méiglechkeet schafen, fir dass op Wonsch d'Palliativmedezin och doheem ugebuede muss kënne ginn.

Dobäi geet et awer net nëmmen duer fir mat vill Geld iwwerall an de Spideeler Palliativmedezinstatiounen anzeriichten. D'Formatioun vun den Doktere muss eng Ausbildung a palliativer Medezin bëinhalten. Bis elo war dat hei zu Lëtzebuerg keng Konditioun. Dass dat immens wichteg ass, huet och Frankräich viru kuerzem erkannt, an dofir eng Ausbildung a palliativer Medezin zu enger vun de Konditioune gemaach, fir kënnen als Dokter zougelooss ze ginn. An och an Däitschland si se de Moment amgaangen iwwert dëse Wee ze debattéieren. Et kann net verschwiege ginn, dass fir d'Palliativmedezin grouss Zommen investéiert musse ginn. Fir näischt ass eng qualitativ héichwäerteg Medezin nun emol net ze kréien. Mir hu jo soss fir allerlee vill Suen, dann dierft dat hei also och net eng Fro vun de Finanze sinn, wann et heescht jidderengem e mënschewierdegt Liewensenn ze garantéieren.

D'Erfahrungen an aneren europäesche Länner hu gewisen, dass, wann eng breet palliativ Medezin ugebuede gëtt, de Wonsch no Euthanasie op e Minimum reduzéiert

ass. Et ass do wou mer zum Kär vun der Debatt kommen, jo et gëtt Fäll an deenen och d'Palliativmedezin net hëlleft, oder zumindest net genuch hëlleft, fir dem betraffene Patient a senger grousser Nout ze hëllefen.

Op dëser Tribün wäert sécherlech nach den een oder aneren an dramatesche Biller versichen e Bild vun deem engen oder anere Stierweskranken ze zeechnen, deen zum Beispill a sengem eegene Schläim erstéckt. Mat sou Eenzelschicksaler soll dann heibannen an dobausse bei de Leit den Androck entstoen, datt hei nëmmen nach Euthanasie kann hëllefen, sou wéi wa mer et mat engem Hausdéier ze dinn hätte wat mer aschléifere loossen, fir datt dat aarmt Déier net méi leide muss.

D'Euthanasie ass souzesoen en Akt vun der Baarmhäerzegkeet. Ech kann a wëll hei net verschweigen, datt et där Fäll gëtt, mä dorauser automatesch d'Noutwendegkeet vun der Euthanasie ofzeleeden ass falsch a gräift ze kuerz. Genee wéi ee ka Beispiller fanne vu Leit wou d'Palliativmedezin net konnt hëllefen, sou loosse sech och Beispiller fanne vu Patienten déi de Wonsch no Stierfhëllef an enger aussiichtsloser Situatioun geäussert hunn an dunn dach nach eng Kéier d'Kéier kritt hunn. Dat eleng beweist dass Eenzelschicksaler, a siefe se nach esou dramatesch, hei an dëser Debatt näischt verluer hunn.

Wéi war et da bis elo? Sinn dann esou Patiente wierklech an eise Spideeler - erlaabt mer den Ausdrock, Här President - krëpéiere gelooss ginn, oder war et bis elo net éischter esou, datt den Dokter hei seng Responsabilitéit iwwerholl huet an dem Patient déi Behandelung zoukomme gelooss huet, déi an där Situatioun déi richteg war, och mam Risiko datt de Patient vläicht e puer Stonnen oder Deeg méi fréi gestuerwen ass?

Mä am Géigesaz zum Akt vun der aktiver Stierfhëllef, also dem Akt wou den Dokter bei engem Mënsch bewosst den Doud erbäiféiert, handelt et sech heibäi ëm en Akt wou versicht gëtt dem Patient zum Beispill d'Péng ze huelen, an net en Akt fir en ëmzebréngen.

D'Dokteren, an ech mengen och d'Patienten, si bis elo gutt mat dësem System gefuer, an et ass dofir fir mech onverständlech firwat ëmmer erëm hei eng Debatt iwwert d'Euthanasie muss gefouert ginn.

Déi ganz Diskussioun ass u sech net néideg. D'Avisë vun der AMMD an dem Collège médical schwätzen do eng ganz kloer Sprooch. Si soen Neen zu der Euthanasie an zum Bäibehale vun der augenblécklecher Situatioun. An d'Avisë vun den Doktere sinn an dësem Zesummenhang wichteg, net nëmme well se eng kloer Sprooch schwätzen, mä och well et d'Stëmm vum gesonde Mënscheverstand ass.

Mir sinn eis erëm eng Kéier alleguer eens heibannen, datt, och wann d'Méiglechkeet vun der Euthanasie bestéing, en Dokter net gezwonge kënnt gi fir géint säi Gewëssen d'Euthanasie ze praktizéieren. Dat schéngt mer eng Selbstverständlechkeet ze sinn. Den Dokter ass do fir Liewen ze retten, net fir Liewen ze huelen. Sou gesinn d'Dokteren hire Beruff selwer, an ech mengen dat muss een och esou respektéieren. Wann also d'Dokteren net bereet sinn esou en Akt duerchzeféieren, da gesinn ech souwisou grouss Schwieregkeete fir datt d'Euthanasie iwwerhaapt e Sënn kënnt maachen, an ech kann nach esou vill Argumenter sichen déi fir d'Euthanasie schwätzen.

Am Fong vun der Saach ass et eppes wat zu eise gesellschaftleche Wäerter a Contradictioune steet. De Schutz vum Liewen däerf net duerch d'Aféiere vun der Euthanasie ënnerhielegt ginn. Natierlech wier et ze einfach, d'Fro vun der Euthanasie just opgrond vun der Haltung vun den Dokteren ze beäntweren. D'Fro ass och net déi: Engem Stierwenden hëllefen oder net? Wéi ech elo grad gesot hunn, ass och schonns an der Vergaangenheet dem Patient gehollef ginn, am Extremfall, kéint ee souguer soen, ass dat engem Akt vun der passiver Euthanasie bal gläichkomm.

Doriwwer hunn awer ni grouss Diskussioune bestanen. Et huet souzesoen zu der Praxis gehéiert, datt den Dokter gehollef huet, sou wäit wéi hie konnt. Mä, vun dëser Praxis hin zu der aktiver Euthanasie ass awer ee Gruef deen net esou einfach iwwerschratt däerf ginn. Och d'Doktere wëllen dat, wéi gesot, net.

Fir den ADR ass jo schonns zënter 1999 kloer, datt, wann een d'Grondprinzipie vun eiser Gesellschaft net wëll iwwert de Koup geheien, et keng Öffnung zu der Euthanasie däerf ginn. Den ADR kann also net mat enger Gesetzgebung averstane sinn déi d'Euthanasie hei zu Lëtzebuerg erméiglecht. De Stat huet déi Aufgab Liewen ze schützen an huet net de Pouvoir fir enger Persoun d'Recht ze gi fir iwwer Liewen an Doud vun enger anerer Persoun ze befannen. Wie mengt dat wier an eiser Gesellschaft méiglech, deen iert. Wa mir d'Palliativmedezin hei zu Lëtzebuerg weider ausbauen an den Dokteren e Spillraum loossen, dee se bis elo haten, dann dierften all méiglech Problemfäll, déi sech kënne stellen, zur Zefriddenheet vun all Patient geléist ginn.

Zum Schluss nach e Wuert zu der Disposition de fin de vie. Et besteet heibannen an der Chamber och praktesch eng Iwwereneestëmmung iwwert de Prinzip, esou eng Disposition de fin de vie hei zu Lëtzebuerg an eis Gesetzgebung anzeféieren.

Et ass vill an intensiv doriwwer diskutéiert ginn, wat an esou Dispositiounen dra stoe kënnt. Am Prinzip ass et fir eis kloer, datt een alles kann draschreiwen, y inclus de Wonsch no Euthanasie. Et ass awer genee esou kloer, datt de Wonsch vum Eenzelnen nëmmen do kann erfëllt ginn, wou d'Gesetz et erlaabt oder net verbitt.

Den Testament de fin de vie ass sécherlech nëtzlech fir déi Relatioun Patient-Dokter ze verbesseren. Besonnesch an der Situatioun, wou de Patient net méi bei Bewosstsënn ass, kënnen esou Dispositions de fin de vie dem Dokter ganz nëtzlech Indikatiounen iwwert dem Patient seng Wënsch ginn. A wat fir enger Form dësen Testament de vie praktesch ka realiséiert ginn, wou en enregistréiert gëtt a wéi dacks e muss erneiert oder annuléiert ka ginn, schéngt mer an dësem Stadium vun der Diskussioun nach net esou wesentlech.

Wichteg ass, dass mer e Konsens iwwert dës Fro fannen, an als ADR schwätze mer eis och dofir kloer fir sou en Testament de fin de vie aus.

Här President, ofschléissend wëll ech dann nach bemierken, dass mer als ADR déi dräi deponéiert Motioune vun de Majoritéitsparteien och ënnerschriwwen hunn an och deementspriechend mat ënnerstëtze wäerten.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Als nächste Riedner ass den Här Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Recht op d'Stierwen, dat mënschewierdeg misst sinn, gëtt zënter 1989 hei zu Lëtzebuerg an organiséierter Form diskutéiert, wou de leider verstuerwenen Dokter Henri Clees, mat anere Leit zesummen, d'Association pour le droit de mourir en dignité gegrënnt hat, eng Associatioun déi ënner anerem als Zil hat an nach huet, d'Selbstbestëmmung vum Mënsch, grad och an dësen dramatesche Momenter, ze realiséieren an dofir ganz kloer och fir d'Dépénaliséierung vun der sougenannter aktiver Euthanasie ënnert enger Rei vu Bedingungen agetratt ass an och weiderhin antrëtt.

E puer Méint duerno hat sech eng zweet Organisatioun gegrënnt ënnert dem Numm OMEGA 90, déi sech awer just fir d'Entwécklung hei am Land vun der Palliativmedezin, dat heescht vun der sougenannter Stierfbegleedung, wollt asetzen. Béid Organisatiounen aus dem sougenannten Zivilberäich waren a si bis haut äusserst aktiv fir fir dës positiv Zilsetzungen anzetrieden.

Leider muss een haut, 14 Joer no 1989, feststellen, datt sech hei am Land um Gebitt vun der Palliativmedezin nach bäi wäitem net genuch beweegt huet an um Terrain vun der Dépénaliséierung vun der Euthanasie nach praktesch näischt. An dat am Ënnerscheed zu eise Benelux-Partner Holland an der Belsch, wou courageiert politesch Majoritéite viru kuerzem per Gesetz eng staark Ouverture a Saachen Dépénaliséierung vun der Euthanasie gemaach hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, iwwert dëse Sujet hat ech schonn d'Geleeënheet 1996 fir am Kader vun enger Interpellatioun, déi ech 1994 ugefrot hat, eis méi allgemeng Haltung zu all dësen Themen hei op der Tribün duerzeleeën. Schonn deemools, 1996, also viru siwe Joer, ware mir agetruede géint den Acharnement thérapheutique fir d'Entwécklung vun der Schmerztherapie a vun der Palliativmedezin, fir d'gesetzlech Verankerung vun engem Stierftestament, dee jo elo soll Disposition de fin de vie genannt ginn, a mir haten eis schonn deemools och kloer ausgeschwat en faveur vun enger wierklecher Selbstbestëmmung fir eng wierklech Autodéterminatioun vum Mënsch, vu jiddfer Mënsch, fir an objektiven auswegslosen oder subjektiv als aussiichtslos empfondene Situatiounen op eng Euthanasie oder eventuell op e Suicide assisté kënnen zréckzegräifen.

Mir konnten eis deemools 1996 mat eise Fuerderungen no enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie net duerchsetzen. Déi deemoleg CSV-LSAP-Regierung war dergéint an huet virun allem d'Argument an d'Welt gefouert, elo - dat war deemools 1996 - misst prioritär a massiv den Ausbau vun der Palliativmedezin als Alternativ zu der Euthanasie gefördert ginn.

Ëmmerhi konnt sech 1996 drop gëeenegt ginn, fir eng parlamentaresch Ethikskommissioun an d'Liewen ze ruffen, déi all Aspekter sollt analyséieren an dann an engem Débat d'orientation hir Konklusiounen sollt zéien an op den Dësch vun dëser Chamber leeën. No ville Consultatiounen an Avisen ass dat du schliesslech am Fréijoer 1999 geschitt, also ronn zwee, dräi Méint virun de leschte Chamberswahlen.

Erëm eng Kéier ware sech, dräi Joer no 1996, all Parteien eens iwwert de Refus vum Acharnement thérapheutique an iwwert d'Dringlechkeet fir d'Schmerztherapie massiv ze entwéckelen an d'Palliativmedezin op deene verschiddenen Niveauen, hospitalier an ex-hospitalier, ze förderen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Et war souguer eng Resolutioun majoritär ugeholl ginn en faveur vun der legaler Verankerung vun engem Testament de vie, deen, ähnlech wéi den dänesche Modell, offiziell beim Ministère vun der Santé sollt enregistréiert musse ginn.

Erëm eng Kéier huet eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie 1999 keng Mehrheet fonnt, virun allem well d'CSV geschlossen dergéint gestëmmt huet an anerer sou kuerz virun de Wahlen, wahrscheinlech aus opportunistesche Grënn, ze vill onkloer ware fir an dëser Fro wëlle Faarf ze bekennen.

Wat waren an dësen Diskussioune vun 1996 a vun 1999 d'Haaptargumenter géint eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie? Argumenter, déi haaptsächlech - ech soen haaptsächlech, net exklusiv - vu kathoulesch orientéierten Organisatiounen a vun der CSV geäussert goufen an haut och nach geäussert ginn.

Et war d'Argument, Euthanasie wier Mord. Et war d'Argument vun der sougenanntener Pente glissante, dat heescht der Behaaptung, no enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie géif d'Gefor bestoen, datt de Schutz vum Liewen net méi garantéiert wier an et dann zu ganz villen Abüe géif kommen. Et war och d'Argument dass, wann d'Palliativmedezin bis richteg entwéckelt wier, da wier d'Euthanasie iwwerflësseg, well et da keng Demanden no Euthanasie méi géife ginn. Schliesslech gouf vu munche Palliativmedeziner selwer behaapt dass, wann d'Euthanasie bis legaliséiert wier, da géif et vu Säite vun de Politiker manner Bereetschaft gi fir d'Palliativmedezin nach weider auszebauen. Eng Argumentatioun där sech natierlech eng Partie vu Leit, politesch gesinn, ganz gär ugeschloss hunn, Leit déi deemools géint d'Dépénaliséierung vun der Euthanasie agetruede sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert am zweeten Deel vu menger Ried méi am Detail op dës Géigenargumenter agoen a versiche se ze entkräften. Erlaabt mer fir d'éischt nach kuerz op d'Suite vun der politescher Entwécklung an dësem Dossier anzegoen, well et handelt sech ëm eng politesch Entwécklung. Et ass hei an der Chamber driwwer diskutéiert gi vu Parteien, déi hir Meenunge geäussert hunn. Et ass also net eleng eng individuell Diskussioun vun eenzelnen Deputéierten. Et ass eng politesch Diskussioun, déi mer hei féieren.

Nodeem 1999 eng CSV-DP-Regierung zu Stane komm ass, war eis natierlech kloer datt sech do vum selwen näischt a Saachen Dépénalisatioun vun der Euthanasie géif maachen. D'DP, als liberal Partei, déi dach eigentlech déi individuell Mënscherechter a Fräiheete misst verteidegen, dës DP war leider domat d'accord gewiescht fir am CSV-DP-Regierungsprogramm jiddfer Dépénaliséierung vun der Euthanasie auszeschléissen. Eng Saach, déi u sech scho blamabel ass fir eng liberal Partei, an och am Widdersproch steet zum Beispill zu de belsche Liberalen, déi ganz aktiv matgehollef hu fir dat neit belscht Gesetz auszeschaffen an ze beschléissen; idem an Holland.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Dir sidd och am Widdersproch mat den däitsche Gréngen. Duerfir sidd Dir schlecht placéiert fir hei der DP virzewerfe si wär am Widdersproch mat de belsche Liberalen.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Dir kënnt mir roueg soe wat den däitsche Gréngen hir Haltung ass. Ech hu fir deenen hir Haltung zumindest eng kleng Iddi Verständnis, Här Weiler, well ëmmerhi war Däitschland dat Land wou de Begréff Euthanasie vum Hitler op esou eng mëssbräichlech Aart a Weis gebraucht ginn ass, andeems hie Millioune Leit ëm den Eck bruecht huet, wat awer näischt mat Euthanasie ze dinn hat.

***(Interruption)***

Duerfir ass Däitschland dat Land wahrscheinlech, wou et vun alle politesche Kräften am schwéiersten ass iwwerhaapt iwwert d'Euthanasie schwätzen ze kënnen.

***(Interruption)***

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Den Här Huss ass an d'Belsch gereest.

***(Hilarité)***

Da wäert een awer sécher nach froe kënne wat déi Däitsch soen.

***(Interruption)***

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- ...eisen Nopeschlänner, Här Weiler, wou ëmmerhin an deene leschten zwee Joer Gesetzer gemaach gi sinn am Sënn vun enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie a wou déi Liberal maßgeblech mat dru bedeelegt waren.

Wéi eis dunn, Dir Dammen an Dir Hären, kloer war, datt vun dëser Regierung kee wesentleche Fortschrëtt géing ausgoen, si mer als Gréng dru gaange fir selwer eng Proposition de loi auszeschaffen, fir d'Euthanasie an de Suicide assisté ënner enger Rei vu prezise Bedingungen ze dépénaliséieren a fir gläichzäiteg eng Propos iwwer en Testament de fin de vie ze maachen.

Well an den 90er Joren awer och vun der Madame Lydie Err vun der LSAP ganz positiv Initiativen a Richtung Euthanasie ënnerholl gi waren, ware mer natierlech absolutt zefridden doriwwer, datt si direkt bereet war parteiiwwergräifend esou eng Proposition de loi mat auszeschaffen, déi mer du gemeinsam ausgeschafft hunn an och gemeinsam hei an der Chamber déposéiert hunn. Eng Proposition de loi, déi natierlech eng Erausfuerderung vun de Regierungsparteien duergestallt huet an déi zënterhier op villen Niveaue kontradiktoresch diskutéiert gouf. Ënner anerem natierlech och an der parlamentarescher Ethikskommissioun, déi hir Aarbecht zu dësem Sujet erëm opgeholl hat.

Dir Dammen an Dir Hären, en äusserst positive Schrëtt a Saachen Dépénaliséierung vun der Euthanasie war viru ronn zwee Joer dat Gesetz wat dat hollännescht Parlament mat grousser Mehrheet beschloss huet a wat weltwäit zu Diskussioune geféiert huet.

Zu Lëtzebuerg huet dës hollännesch Entwécklung, déi ronn e Joer méi spéit vun eise belschen Noperen iwwer eng ähnlech Gesetzgebung suivéiert ginn ass, vill positiv Kommentaren an eiser Press an an eiser Bevölkerung ervirgeruff. Souguer eisen CSV-Premierminister, den Här Juncker, ass net derlaanscht komm fir während senger Deklaratioun iwwert den Etat de la Nation vum 3. Mee 2001 op déi hollännesch Gesetzgebung anzegoen, wou hie gesot huet: „bei där net alles falsch wär", a wou hien du gemengt huet et misst een d'Diskussioun, ech zitéieren: „ouni Scheiklappen, ouni ideologesch Barrièren an ouni virgefaasste Meenungen erëm eng Kéier relancéieren".

Wien dem Här Juncker deen Dag nogelauschtert hat, dee konnt eventuell mengen et wier him eventuell dach gelongen, déi al a konservativ CSV op engem wesentleche Punkt vun der Gesellschaftspolitik ze moderniséieren a se dozou ze brénge fir iwwer hiren dogmatesche Schiet ze sprangen. Esou méi e modernen Image vun der CSV ze vermëttelen, dat war ouni Zweifel d'Intentioun vun eisem Premier.

Vill Leit waren an engem positive Sënn verblüfft, mä déi schéin Illusioun war schonn e puer Deeg duerno geplatzt, wéi den Här Fraktiounspresident vun der CSV, den Här Lucien Weiler, am Numm vu senger Partei deklaréiert huet, dass et mat der CSV ni eng Dépénaliséierung vun der aktiver Euthanasie géif ginn. E gewëssen Här Schiltz, Generalsekretär vun der CSV, huet e puer Méint duerno am Numm vun der CSV déi grad esou penibel wéi schäbeg Behaaptung an d'Welt gesat, eng Dépénaliséierung vun der Eu-

thanasie wier am Fong näischt aneschters wéi, ech zitéieren: „Eine Lizenz zum Töten."

Dir Dammen an Dir Hären, et war dat an eisen Ae scho praktesch eng Zoumuddung fir de Befürworter vun der Dépénaliséierung, dat heescht vun enger fräiwëlleg ugefrotener Euthanasie an dramateschen an an aussiichtslose Situatiounen, ze ënnerstelle si wéilten einfach esou, vläicht aus Spaass, en totale Fräibréif ausstelle fir Leit kënnen ëm den Eck ze bréngen. Esou Aussoe sinn enger grousser traditioneller Partei absolut onwierdeg, an ech hoffen datt mer esou polemesch Déifschléi ënnert d'Gürtellinn net nach eng Kéier hei mussen ze héiere kréien.

An der zoustänneger Ethikskommissioun ass, Dir Dammen an Dir Hären, insgesamt ganz sachlech iwwert déi gesamt Problematik geschwat ginn. A well den honorablen Här Rippinger als Rapporteur den Déroulement vun den Entrevuen an eisen Diskussiounen a sengem Rapport am Detail hei duergeluecht huet, wëll ech dorobber verzichten dat hei nach eng Kéier ze widderhuelen. Ech wéilt just am Telegrammstil e puer Punkten do erausgräifen, déi mer erwähnenswert schéngen, woubäi ech nach eng Kéier méi genau op den Testament de vie an op d'Dépénaliséierung vun der Euthanasie wëll agoen; zu deenen anere Punkten aus dem Rapport am Telegrammstil.

Mir sinn als Gréng evidenterweis d'accord mam Wonsch vun den Dokteren, datt si net solle kënne penal verfollegt ginn, wann se e sënnlosen Acharnement thérapeuthique refuséieren. Als Gréng bedauere mer et ganz staark, datt trotz de Bestëmmunge vum 98er Gesetz iwwert d'Spideeler nach ëmmer net an allen Haiser Ethikscomitéen op eng seriö Aart a Weis fonctionnéieren. Do muss also dringend nogebessert ginn.

Als Gréng hu mer mat Interesse a mat Bedaueren, souguer mat groussem Bedaueren, zur Kenntnis huele missen, datt no Aussoe vum Collège médical anscheinend ëmmerhin tëschent 40 a 60% vu Schwéierstkranken nach ëmmer net op eng seriö palliativ Schmerztherapie zréckgräife kënnen, wat no iwwer 13 Joer Diskussioun iwwert d'Noutwendegkeet vun der Palliativmedezin an eisen Aen en eenzege Skandal duerstellt. Mir froen duerfir och an dësem traurege Kontext all déi parteipolitesch Supporteren heibanne vun der Palliativmedezin, déi d'Recht op Euthanasie oflehnen, déi awer hei am Land an deene vergaangene 15 Joer d'Budgets- an d'Finanzpolitik vun der Regierung beherrscht hunn, firwat dann haut nach ëmmer, trotz all hire feierlechen Deklaratiounen, d'Palliativmedezin nach ëmmer esou onzefriddestellend organiséiert ass.

Une voix.- Très bien.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Vläicht sollt sech an dësem Kontext d'CSV owes emol heiansdo méi oft genau an de Spigel kucken, da géif et, fir mat der Bibel ze schwätzen, esou munch Balken an den eegenen CSV-Aen ze entdecke ginn.

Ee Saz just zu der Fro vun der Ausbildung oder Weiderbildung vun den Dokteren an dem Fleegepersonal a Saache Palliativmedezin, wou nach munches ze maache bleift. Op d'mannst fir den Aspekt Schmerztherapie misst an eisen Ae jiddefalls eng Obligatioun geschafe ginn. Eng Saach, déi iwwregens onofhängeg vun dëse Froen hei och soss bei aneren Traitementer an de Spideeler de Kranken an eisen Ae vun Notze wier.

Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng gesinn d'Palliativmedezin an d'Euthanasie net als Géigesaz, mä complémentaire am Intérêt vun de Patienten. Mir sinn duerfir der Meenung, datt jiddfer Mënsch, fräi no senge philosopheschen Entscheedungen, déi et an enger pluralistescher Gesellschaft gëtt, d'Recht muss hunn en Testament de vie oder Dispositions de fin de vie ze verfaassen, andeem hie seng respektiv Wënsch duerleet. An dësem Testament soll hien eng ganz Rei vu Saache kënnen zu Pabeier bréngen, zum Beispill iwwert den Don d'organes oder iwwert de Mode de sépulture. Och bei der zentraler Fro vum Stierwe muss hien d'Fräiheet hunn - dat heescht de libre choix hunn - sech ze entscheeden, entweder fir eng maximal intensiv Weiderbehandlung un de Schläich bis zum Schluss, oder awer géint e sougenannten Acharnement thérapeutique.

Fir eng komplett Prise en charge palliative, dat heescht medezinesch Schmerztherapie a Stierfbegleedung duerch e Psycholog, Paschtouer oder forméiert Laien, oder zum Beispill nëmme fir eng medezinesch Schmerztherapie ouni palliativ Stierfbegleedung, well et jo och Leit gëtt déi zwar d'Schmerztherapie selbstverständlech wënschen, mä aus perséinlechen oder philosophesche Grënn awer net eng palliativ Stierfbegleedung wënschen a léiwer a Rou gelooss ginn.

De Mënsch muss a sengem Stierftestament och d'Recht hunn, ënner senge reng perséinleche Konditiounen, esou wäit dat mat gesetzleche Rahmebedingunge vereinbar ass, ze froen, datt eng aktiv Euthanasie bei him virgeholl soll ginn.

Op dës Diskussioune solle mer jo nach eng Kéier an de kommende Méint zréckkommen, ech wéilt awer gläich hei betounen, datt fir déi Gréng esou Dispositions de fin de vie nëmme wierklech sënnvoll sinn - an do gëtt et jo Ënnerscheeder, d'CSV seet, dat dierft nëmmen indicativ sinn, do si mir anerer Meenung -, wa se och verbindlech sinn a wann de Patient kann dovun ausgoen, datt an der Realitéit sengem Wonsch herno och wierklech Rechnung gedroe gëtt, wann net vum haaptbetraffenen Dokter, deen de Fall am Grapp huet, well deen eventuell philosophesch Bedenken huet, dann awer vun engem anere Medeziner, deen da misst ugefrot ginn.

A propos Medeziner. Et ass gewosst, datt déi organiséiert Medezin, hei de Collège médical, sech an Avisë meeschtens hannert de sougenannten Eed vum Hippokrates verstoppt an d'Euthanasie en tant que telle offiziell oflehnt. Den honorabelen Här Schroell huet dozou jo schonn interessant Saache gesot.

Et ass awer grad esou gewosst, an zwar an alle Länner an och hei zu Lëtzebuerg, datt d'Euthanasie heemlech, hannert de Kulisse méi wéi eng Kéier praktizéiert gëtt - dat ass nämlech d'Realitéit - an an de Grozonen hannert de Kulisse weess een emol net ob d'Euthanasie, déi jo ëmmer nëmmen eng fräiwëlleg ugefroten däerf sinn, a Wierklechkeet ëmmer esou fräiwëlleg ass oder war.

Jiddefalls, Dir Dammen an Dir Hären, ginn et och ënnerschiddlech Meenungen zur Euthanasie bei den Dokteren, och bei de Lëtzebuerger Dokteren, wou muncheree sech schonn öffentlech en faveur vun enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie ausgeschwat huet. An eisem Nopeschland, der Belsch, déi dat bekanntlech jo d'lescht Joer gemaach huet, hate sech am Virfeld vun der Législatioun ëmmerhin iwwer 2.500 Dokteren, Medezinwëssenschaftler a Rektore vun Universitéitsservicer, inklusiv vu belsche Palliativservicer op Universitéiten, eindeuteg fir eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie ënnert gewësse Konditiounen ausgeschwat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn dat Dokument hei vun deene 2.500 belsche Medezineren, déi sech an enger Pétitioun dofir ausgeschwat hunn datt et misst zu enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie kommen. Ech liesen nëmmen de leschte kuerzen Abschnitt vun hirer Begrënnung aus dem éischten Appel vu Januar bis Mee 2000 vir, wou déi éischt Dokteren ënnerschriwwen hunn: „En prévoyant la dépénalisation des seules euthanasies demandées et en respectant l'autonomie de décision du médecin, cette proposition de loi protège aussi ceux, patients comme médecins, qui ne désireraient pas y avoir recours, mais elle assure à ceux qui vivent la dernière période de l'existence et qui souhaitent ne plus subir les modalités aveugles de la mort, la possibilité de recevoir l'aide nécessaire pour faire de l'ultime moment de leur vie un dernier acte de liberté."

Dat ass de leschten Abschnitt vun engem Appel vun 2.500 belschen Dokteren aus der Wallonie, vu Bréissel an och aus Flandern, déi dee flammenden Appel gemaach hu fir zu enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie ze kommen, inklusiv d'Palliativmedeziner an inklusiv souguer Leeder vu Palliativstatioune vun Universitéitskliniken.

Dir Dammen an Dir Hären, mat dëser Problematik vun der Dépénaliséierung vun der Euthanasie, och am Kontext mat engem Stierftestament, fir dee Moment wou ee sech net méi selwer kann ausdrécken, oder an deenen anere Fäll, esou si mer hei an der Chamber genau bei deem Punkt wou eisen Haaptdissens läit, well mir als Gréng an och aner politesch Faarwen - den Här Bodry huet dat jo hei scho gesot, och den Här Schroell huet, wuel a sengem perséinlechen Numm, awer ëmmerhi gesot - fir eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie antrieden, während d'CSV an hire riets konservativen oder riets populisteschen Unhängsel aus ideologesche Grënn do dergéint sinn.

***(Interruption)***

Dem ADR an och dem Här Mehlen wëllt ech soen, datt et eben net nëmmen ëm perséinlech Responsabilitéit geet, datt mer hei schonn zënter zéng Joer eng Diskussioun féiere wou musse Votë geholl ginn, dat muss natierlech vun eenzelnen Deputéierte gemaach ginn, mä do sinn d'Parteien och gebieden eng Meenung dozou ze hunn. Déi Gréng hunn eng Meenung, d'Sozialisten hunn eng Meenung, et sinn och anerer déi eng Meenung hunn, et ass net eleng eng individuell Entscheedung vun eenzelnen Deputéierten. Souwisou sinn ech der Meenung, datt och emol d'Bevölkerung misst gefrot ginn, an den ADR ass dach déi Partei, déi bei villen anere Geleeënheeten hei ëmmer erëm gesot huet, da kommt mir froen emol d'Bevölkerung, kommt mir maachen e Referendum.

***(Interruption)***

Här Mehlen, ech kann Iech awer soen, wann Der e wéineg d'Sondagë liest, déi an dëser Fro gemaach gi sinn an deene leschten zwee, dräi Joer, ob dat an Däitschland, an Holland oder am kathoulesche Pole war, oder soss a Länner, hutt Der iwwerall an deene Sondagen - an déi Sondagë ware ganz prezis formuléiert - Mehrheete gehat. A Polen esouguer vu 65% a bis zu 88% an Holland. Dat war net eng eenzeg Fro, do stong och Palliativmedezin. All déi Saache stongen do. Mä et stong och do, wann dat net géif hëllefen, ob se dann der Meenung wieren, an da sinn déi Majoritéiten erauskomm, vun deene ech hei geschwat hunn. Dofir kann ech och net mam Här Santer vun der CSV d'accord sinn, deen a mengen Aen op eng liicht arrogant Aart a Weis,…

***(Interruption)***

…ech widderhuelen, op eng liicht arrogant Aart a Weis hei gemengt huet, d'Leit, déi a Sondagen derfir gestëmmt hätten, déi hätten iwwerhaapt net gewosst iwwer wat se do ofgestëmmt hätten.

Ech hunn d'Sondagë gekuckt an hirer Formuléierung. Do war ganz prezis formuléiert woufir d'Leit sollte sinn. Maacht net wéi wann d'Leit ze domm wiere fir den Ënnerscheed tëschent Palliativmedezin an Euthanasie ze kennen.

M. Patrick Santer *(CSV).*- Dat hunn ech ni gesot, Här Huss.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Zu de Géigenargumenter elo konkret, déi Der ufeiert.

***(Interruption)***

D'Frostellung war ganz prezis. Ech weisen Iech dat ganz gär, Här Mehlen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech kréien ëmmer méi d'Flemm fir ze stierwen.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Zu de Géigenargumenter, déi vun der kathoulescher Säit haaptsächlech hei ubruecht ginn.

Éischtens: D'Euthanasie wier Mord a misst dofir verbuede bleiwen.

***(Interruption)***

Eis Äntwert, ganz kuerz: Dës Definitioun vu Mord ass eng reng abstrakt Definitioun an ass absolut zweifelhaft, well jo de Betraffene selwer, an hien eleng, a bei voller Conscience, ëmmer erëm duerno freet, heiansdo duerno biedelt, endlech däerfen erléist ze ginn.

Bei engem wierkleche Mord ass et bekanntlech dach esou, datt een total géint säi Wëlle brutal aus dem Liewe gerappt gëtt. Et kann een net déi zwou Saachen esou einfach matenee verbannen.

Zweetens: Beim Argument géint eng Dépénaliséierung gëtt gesot, dass no enger Dépénaliséierung et zu villen Abüe géing kommen, wou also och eventuell géint de Wëlle vum Kranke géif eng Euthanasie agesat ginn. Et gëtt dann natierlech och mam Gespenst vun enger berühmter Dérive gewénkt.

Eis Äntwert drop: Abüe gëtt et haaptsächlech wa Saache gemaach ginn an et besteet keng komplett Transparenz, dat heescht wa Saache gemaach ginn hannert de Kulissen. An Euthanasie, Dir Dammen an Dir Hären, déi gëtt haut an alle Länner praktizéiert, awer heemlech, hannert de Kulissen, an do sinn d'Gefore vun Abüe bekanntlech ëmmer méi grouss wéi do wou kloer Konditiounen an déi beschtméiglechst Transparenz iwwert eng Gesetzgebung virherrschen.

D'Madame Err an ech hunn iwwregens an eiser Proposition de loi - op déi mer méi spéit am Joer wäerten nach eng Kéier kënnen zréckkommen - iwwert eng Commission d'évaluation et de contrôle esou staark Barrièren agebaut, datt Abüen doduerch praktesch ausgeschloss wieren. Elo gi mer op deem Punkt kritiséiert, dat wier ze vill bürokratesch. Mä mir hunn dat gemaach ganz einfach, well mer zéng Joer laang d'Diskussioun héieren hunn iwwert déi Abüen, déi géife kommen, wann et zu enger Dépénaliséierung géif kommen. Mat där heiter Gesetzgebung kéint et net zu engem Abus kommen, well all Demande muss ugefrot ginn. Wann et awer zu enger géif kommen, da wier et awer eng déi vun engem Dokter géif heemlech praktizéiert ginn.

***(Interruptions)***

Nach e kuerzt Wuert zu dëser Fro vun den Abüen. An eisem Nopeschland der Belsch ginn d'Expären dovunner aus, datt mat hirer neier Gesetzgebung wahrscheinlech manner Euthanasie an och manner Abüe wäerten an deenen nächste Jore virkommen, ganz einfach well do elo ganz kloer gesetzlech Regelunge virherrschen an do d'Doktere virun hirer Verantwortung stinn, déi Regele mussen anzehalen.

Beim Wuert „Abüen" denken ech iwwregens och éischter un Abüe beim Acharnement thérapeutique, deen haut nach leider zimlech verbreet ass, an ech denken dobäi och un esou munch patriarchalesch motivéiert Risiken an der Palliativmedezin, wou de Risque mol grouss kënnt sinn, datt de Patient dem Dokter seng Meenung opgeschwat géif kréien, wat an esou eenzel Fäll da kënnt mat Acharnement palliatif gläichgesat ginn.

Am Ausland gëtt ganz intensiv iwwert de Begrëff „acharnement palliatif" geschwat. Fir datt kee Mëssverständnis opkënnt: Mir ënnerstëtzen als Gréng zu Lëtzebuerg all Efforten, a mir menge si hätte längst misse gemaach gi fir d'Palliativmedezin hei ze verstäerken.

En anert Argument, wat ëmmer erëm gebraucht gëtt géint eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie, dat ass folgend: Wann d'Palliativmedezin optimal entwéckelt wier, da géife sech d'Fäll vun Demandë vun Euthanasie op relativ rar Fäll beschränken, an dofir bräicht een dann eigentlech keng Dépénaliséierung ze maachen.

Ofgesinn dovunner, dass mer nach e gutt Stéck vun enger optimaler Palliativmedezin ewech sinn, mä esouguer bei enger optimal ausgebauter Palliativmedezin bleiwen ëmmer nach genuch Fäll, déi iwwert d'Palliativmedezin net ze léise sinn, noweisbar net ze léise sinn. Et dierften no eegenen Aussoen aus internationale Kreesser vun der Palliativmedezin ëmmerhin 3 bis 4% sinn. Aner Medezinexpäre schwätze vu bis zu 10% vu Fäll wou entweder d'Schmerztherapie versot huet, oder awer déi Fäll wou et iwwerhaapt net ëm kierperlech Péng geet, mä ëm eng séilesch, psychesch Péng, déi heiansdo nach vill méi onerdréiglech ka sinn, zum Beispill a Fäll vu schlëmmen neurodegenerativen Erkrankungen, wéi zum Beispill d'Sclérose latérale amyotrophique, fir nëmmen eng ze nennen, wou et vill méi ëm Verzweiwelung vis-à-vis vun der kierperlecher Dégradatioun oder ëm d'Angscht virum Erstécke während der Nuecht geet, oder zum Beispill bei munchen Aarte vu Kriibs wou de Betraffenen am Endstadium sech total a sengem Selbstbild vum Mënschewäert getraff fillt a sech selwer net méi kann erdroen. Doniewent, Dir Dammen an Dir Hären, ginn et nach aner Fäll wou d'Schmerztherapie an d'Palliativmedezin hëlleflos sinn a wou de Wonsch no Euthanasie absolut verständlech ass.

Ech wëll ee Fall just erausgräifen, deen elo aktuell ass a Frankräich, de Fall vun engem 21-jährege jonke Kärel, deen no engem Autosaccident elo schon zënter 2 ? Joer querschnëttsgelähmt an engem Spidol an engem Bett läit, an en ass net nëmme querschnëttsgelähmt, mä dee Jong ass och nach blann dobäi an dee Jong huet, well en elo schonn 2 ? Joer do läit a well en dat net méi erdréit, e Bréif schreiwe gelooss un den Här Chirac, datt e gären aktiv Euthanasie hätt. An de Problem ass, dass seng Mamm am Interview geäussert huet, si hätt vollt Verständnis fir hire Jong, well dat wier jo keng Léisung méi, si kënnt verstoen dass en dat net méi als Liewensperspektiv géif gesinn. Dat ass also en eenzelnen dramateschen Fall, mä där ginn et der nach.

Wou ech gären hätt, dass dann och fir déi Leit Léisunge musse getraff ginn, an all deene Leit, déi soen dat wieren nëmme rar Fäll, soen ech: Dat si vläicht rar Fäll, mä dat si Fäll, an och deene Leit muss gehollef ginn.

Elo gëtt vun de Géigner vun der Dépénaliséierung gesot, et wieren nëmmen e puer Prozent. Ob 3 oder 8% vun de Fäll oder 10%, op dausend Fäll wieren dat 30 oder 80 Fäll. 3 oder 8% wier et vu schlëmme Fäll. Dat wiere bei dausend be-

traffene Leit 30 bis 80 Fäll. A wat ass dat dann iwwerhaapt fir en Argument? Gëtt net och nach eppes hei am Land, a berechtegterweis, glécklecherweis, gemaach fir Kanner mat Spina bifida? Dat sinn dach och nëmme rar Fäll. Gëtt net eppes gemaach fir Kanner déi Leukämie hunn? Dat sinn och nëmme ganz rar Fäll. Gëtt net eppes gemaach fir Kanner déi ganz rar lerfkrankheeten hunn? Fir all déi Leit gëtt och eppes gemaach, mä do gëtt net d'Argument vun de klenge Prozentzuele geholl, just an der Euthanasie gëtt gesot, et sinn nëmmen e puer Prozent an dofir brauche mer fir déi näischt ze maachen. Mir sinn der Meenung, dass jiddfer Mënsch datselwecht Recht muss hunn an dass och fir déi Leit eppes muss gemaach ginn, an dofir bleiwe mir dobäi dass mer fir eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie sinn, an all déi aner Leit déi dergéint si bleiwen eng Äntwert op dës kruzial Fro, op dës Haaptfro schëlleg.

Dir Dammen an Dir Hären, bis elo konnt keent vun den Argumenter géint eng Dépénaliséierung vun der Euthansie eis iwwerzeegen. Mir bleiwen en faveur dovun, mä eist Haaptargument, Dir Dammen an Dir Hären, onofhängeg dovun ob een elo ideologesch gesinn dofir oder dergéint ass, ass folgendes.

Mir liewen hei zu Lëtzebuerg an enger pluralistescher Gesellschaft, wou d'Meenungen och an dëser Fro eben ausernee ginn. An do kann een dach net, wéi et den Här Juncker esou einfach gesot huet, higoen a soen, jidderee muss do eben tolerant sinn an ee muss deem anere seng Meenung respektéieren. Dat kléngt natierlech ganz gutt. Et ass just awer net esou einfach. Mir Gréng respektéieren déi philosophesch, ideologesch oder reliéis motivéiert Meenung vun all deene Leit, ob dat elo d'CSV ass oder kathoulesch Organisatiounen, oder och nach anerer. Mä d'Realitéit ass awer, Dir Dammen an Dir Hären, well dat bestehend Gesetz d'Euthanasie verbitt an ënner Strof stellt, dass déi Leit, an et sinn der ganz vill, déi fir d'Méiglechkeet vun der Euthanasie antrieden, an hirer Meenung, an hirem Recht net respektéiert ginn. An dofir ass et haut esou, dass een Deel vun der politescher Klass deenen anere Leit hiert d'Recht op Autonomie, op Selbstbestëmmung a Wierklechkeet guer net accordéiert. Am Géigendeel, een Deel vun der Classe politique, haaptsächlech d'CSV, seet deem aneren Deel ganz kloer wat en däerf a wat en net däerf, an dat an esou mënschlech brisante Froe wéi déi vum Stierwen, wou mer hei driwwer schwätzen.

Wou ass do de libre choix? Wou ass dann do d'Autonomie vun där CSV, vun där Der ëmmer erëm schwätzt? Dir accordéiert deene Leit dach net d'Autonomie. Dat ass an dat bleift fir eis inakzeptabel. Mir bleiwen als Gréng fir e wierkleche libre choix vu jidderengem an dëser Fro, an dat heescht dass ee sech kann entscheeden. Wann ee wëllt bis zum Schluss Acharnement thérapeutique maachen, dat ass seng Fräiheet. A wann een e komplette Palliativprogramm mat Schmerztherapie, mat Begleedung, mat engem Paschtouer, mat engem Psycholog an ech weess net wat nach alles, da soll en dat gewäert kréien, da soll e Recht hunn. A wann ee just eng Schmerztherapie wëllt ouni palliativ, da soll een dat och kënnen. Mä wien awer d'Recht wëllt hunn ze soen, elo geet et mer duer, meng Situatioun ass esou verzweifelt, dee soll och musse kënnen drop Recht hunn, an dat Recht gëtt vun Iech net accordéiert, an do läit den Haaptpunkt dovun.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. An dëser Debatt ass et ganz kloer, ech hat virdru gesot, dass vun der CSV-DP-Regierung, aus eiser Vue, dat war eis kloer virun e puer Joer, kee Fortschrëtt géif kommen. Dat hänkt haaptsächlech un der CSV an dëser Regierungskoalitioun. Dat ass gewosst, well vun der Demokratescher Partei hu mer héieren an der Kommissioun, dat huet den Här Rippinger als Fraktiounschef do e puermol deklaréiert, dass hir Meenung vun hiren Deputéierten an hirer Fraktioun zum allergréissten Deel déi wier, dass ee misst kënnen an eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie goen, an do geet et net drëm ob een elo driwwer streit, ob elo d'Proposition de loi Huss déi bescht ass oder net. Ech si bereet iwwer all Modalitéiten aus där Proposition de loi ze diskutéieren.

Ech hunn och guer näischt dergéint, wann elo aner Parteie wëllen eng aner Proposition de loi maachen, déi e wéineg anescht moduléiert ass, mat e wéineg anere Bestëmmungen, sous condition dass et zu enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie kënnt, an ech hätt gären, dat wier dat mindest - den Här Bodry huet zu Recht hei drop higewisen, dass mer heiansdo op der Plaz trëppelen, dass mer net virukommen an deem Beräich - , dass mer zumindest haut - wann ech et ka verstoen dass Demokratesch Partei net kann an enger Koalitioun mat der CSV eng Motioun akzeptéieren un d'Regierung fir d'Euthanasie ze dépénaliséieren, well se eben an där Koalitioun ass a si ass dat esou agaangen -, mä mindestens wat een hei kënnt maachen, besonnesch wa gesot gëtt, dass dat hei eng Fro misst si wou jiddereen an der Fraktioun kënnt maache wat e wëllt, dat heescht sengem Gewëssen no, besonnesch wann dat gëllt, da misst et mindestens méiglech sinn haut op dëser Plaz e klenge Schrëtt no vir ze kommen an dass jiddfer Deputéierten hei en âme et conscience seet, wat d'Chamber mengt, wat d'Chamber haut seet, och wann et net méi an enger Motioun un d'Regierung muss exekutéiert ginn, mä mindestens an enger Resolutioun misst dës Chamber kënne Faarf bekennen, dass se fir eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie, niewent all deenen anere Saachen, ass, déi an Äre Motiounen dra stinn a wou mer fir d'Palliativmedezin alles kënnen ënnerstëtzen. Kee Problem. Mä mir misste mindestens hei an enger Resolutioun kënnen deklaréieren, dass mer fir eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie antrieden. Dofir hu mir eng Resolutioun, zesumme mam Kolleeg Bodry a mat der Madame Err verfaasst, déi einfach just soll banal hei soen, niewent all deenen anere Saachen, mir sinn en faveur d'une dépénalisation de l'euthanasie volontaire.

Mir hunn dobäi geschriwwen, hannert engem Komma, „éventuellement", dat war just fir eng Pist unzeginn. Mä dat kënne mer ewech loossen, sans problème, „éventuellement par le biais d'une excuse de justification légale". Dat ass jo just ee Wee. Wann dorunner ee sech stéiert, si mer ganz gär bereet dat ewech ze loossen. Mir si bereet driwwer ze diskutéieren. Mir hätte just gären, dass dës Chamber endlech eng Kéier Faarf bekennt, quitte dass mer wierklech emol e Schrëtt no vir kommen an dëser ganzer Diskussioun, net dass mer an dräi, véier Joer erëm eng Kéier driwwer diskutéieren an erëm eng Kéier déiselwecht Positiounen hei hunn.

Résolution 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la reconnaissance universelle du droit de chaque être humain à une mort digne et humaine;*

*- considérant que l'appréciation de ce qui est digne et humain ne peut qu'être subjective et intimement personnelle et qu'une société pluraliste et démocratique se doit de respecter ces conceptions souvent divergentes;*

*- réitérant sa revendication concernant le développement de l'offre en matière de soins palliatifs et de traitements anti-douleur;*

*- considérant la reconnaissance scientifique des limites de la médecine palliative pour certaines maladies et certains malades;*

*- considérant le droit à l'autodétermination de chacun et chacune quand il s'agit des circonstances et conditions de sa propre fin de vie;*

*se prononce*

*- en faveur de toutes les mesures nécessaires pour développer l'offre sur le plan national en matière de médecine palliative de sorte à garantir l'accès de tous et de toutes aux soins palliatifs adéquats et aux traitements anti-douleurs modernes et performants;*

*- en faveur de la mise en place d'une formation continue des médecins et du personnel soignant en soins palliatifs;*

*- en faveur de l'introduction dans notre législation de „dispositions de fin de vie", assurant le respect de la volonté du bénéficiaire de soins concernant sa fin de vie, et d'un système d'enregistrement centralisé de ces documents auprès d'une autorité publique;*

*- en faveur d'une dépénalisation de l'euthanasie volontaire, éventuellement par le biais d'un excuse ou justification légale.*

*(s.) Jean Huss, François Bausch, Alex Bodry, Lydie Err, Jeannot Krecké.*

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Marie-Josée Meyers agedroen. D'Wuert huet d'Madame Meyers.

Mme Marie-Josée Meyers-Frank *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren, no deenen heftegen Diskussiounen déi den Här Huss elo hat, erëm e bësse Rou an dat Haus hei eran ze kréien, well dat do war hefteg. Ech schléisse mech de Bemierkunge vu mengem Fraktiounskolleeg, dem Patrick Santer, un a wëll ganz kuerz d'Thema vun der aktiver Euthanasie opgräifen, ier ech mech op d'Palliativmedezin konzentréieren.

All Mënsch huet seng perséinlech Meenung an Usiicht zur aktiver Euthanasie. Als Infirmière hunn ech laang onheelbar krank Mënsche betreit a begleet, an ech ka behaapten dass an der Endphas vum Liewe wéineg Leit den Doud fäerten, mä d'Stierwe mat Péng. Si hunn haaptsächlech Angscht virun engem qualvollen Doud. Et kann net sinn, dass d'Äntwert op dës Suergen an Ängschten an enger eemoleger Sprëtz oder engem Medikament läit. Esou eng fundamental Fro wéi déi vum Enn vum Liewe kann net mat radikalen an einfachen Usäz beäntwert ginn. Doriwwer eraus ass de Mëssbrauch bei aktiver Stierfhëllef net ze ënnerschätzen. An enger materieller Gesellschaft, wou d'Stierwe keng Plaz méi huet, déi et schwéier huet sech mat onheelbare Krankheeten, mat der Péng a mam Doud auserneen ze setzen, besteet e reelle Risiko, dass Drock ausgeübt gëtt, besonnesch bei eeleren, dementen an awer och bei schwéier behënnerte Leit.

Dat ass de Grond firwat och Dokteren sech géint d'aktiv Stierfhëllef ausschwätzen. Mëssbräich ginn et der iwwerall, mä wann een an ee Beräich geet wou Abüen net däerfe sinn, dann ass et dee vum Enn vum Liewen. Dobäi muss een och ervirhiewen, datt d'Attitüd vun deem onheelbar kranke Mënsch par rapport zu senger Krankheet an hir Konsequenzen an deenen allermeeschte Fäll gekennzeechent ass vun Zweifel, Relatiounsproblemer an oder depressive Phasen. Fir d'Dokteren a fir d'Fleegepersonal sinn esou Situatiounen extrem schwéier ze bewäerten, an dat ass och e Grond firwat sech vill Dokteren géint d'aktiv Stierfhëllef ausschwätzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een déi aktiv Euthanasie mat engem méi mënschewierdegen Doud a Verbindung setzt, vergësst een, datt d'mënschlech Unitéit sech net op de Besëtz vu verschiddene physeschen a psycheschen Attributer reduzéiert, de Wäert vun engem Mënsch moosst sech net no sengem Notzen an der Gesellschaft, an et ignoréiert een och domadder all déi medezinesch Fortschrëtter, déi an deene leschte Jorzéngten a puncto Schmerztherapie gemaach gi sinn.

Fir d'Weltgesondheetsorganisatioun - an ech deelen dës Approche - wäert sech dës Fro vun der aktiver Euthanasie mat der Entwécklung an dem Ausbau vun de Soins palliatifs net méi stellen. Et ass e Fait, an ech weisen op all déi méiglech Dokumenter vun der Weltgesondheetsorganisatioun zu dësem Thema, datt bei schwéierkranke Leit, déi an der Endphas vun hirem Liewe sinn an déi vum multidisziplinären Team encadréiert sinn, d'Nofro un aktiv Stierfhëllef keen Thema méi ass. Optimal encadréiert heescht, déi néideg physesch, psychologesch, spirituell a sozial Hëllef ze kréien.

Dëst ass eng grouss Erausfuerderung un d'Dokteren, un d'Fleegepersonal, mä och un d'Famill. D'Palliativmedezin resüméiert sech nämlech net eleng op d'Schmerztherapie, et ass e vill méi komplext Konzept. Wann ee wéi de Collège médical oder den Dokterverband Neen zur aktiver Euthanasie seet, da musse mer awer kloer politesch Prioritéite setzen an d'Palliativmedezin schnellstens hei zu Lëtzebuerg ausbauen; wat jo scho säit 1999 gefuerdert gëtt. An do ass haaptsächlech d'Politik, sou wéi d'Acteuren um Terrain, dat heescht Dokteren, d'Fleegepersonal an och Associatiounen, déi sech ëm d'Soins à domicile spezialiséiert hunn, gefuerdert.

Den aktuellen Zoustand hei zu Lëtzebuerg ass bei wäitem net zefriddestellend. Et bestinn nach grouss Lacunen. Onheelbar krank Leit hu Recht op eng ugepasste Liewensqualitéit. Ech ginn an dësem Kontext ze bedenken, datt eis Nopeschlänner an dësem Beräich eis e grousse Schratt viraus sinn.

D'Palliativmedezin soll als een ëmfaassend Konzept gefuerdert ginn. Schmerztherapie a Schmerzbegleedung musse landeswäit, souwuel an de Spideeler, an den Alters- an an de Fleegeheimer, awer och virun allem doheem, ugebuede ginn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Et schéngt mer prioritär ze sinn, d'Soins palliatifs am extra-hospitaliären an am ambulante Beräich per Gesetz ze verankeren, genau wéi dat de Fall fir d'Soins palliatifs am hospitaliäre Milieu ass. Wann ee wëllt ee komplette Kader schafen, geet et menger Meenung no net duer den Usproch un d'Soins palliatifs nëmmen am Spidolsgesetz festzeleeën. D'Soins palliatifs am extra-hospitaliären an am ambulante Beräich mussen dann och deementspriechend ausgebaut ginn.

Et ginn eng Rei vu Projeten déi realiséiert goufen, wéi zum Beispill d'Ariichte vun Equipes mobiles an e puer Spideeler. Awer nach ëmmer ze wéineg, wann Der mech frot. Anerer si geplangt. Ech denken do un d'Ariichtung vun deem Centre d'accueil pour personnes en fin de vie. Ech begréissen dës Décisioun, well net all Patient d'Méiglechkeet huet doheem betreit ze ginn a vill Leit net hire leschte Liewensofschnëtt an engem Spidol verbrénge wëllen. Dohier ass et wichteg, extra-hospitaliär Unitéite virzegesinn. Si droe mat Sécherheet dozou bäi, de Stellewäert vun de Soins palliatifs ze erhiewen, mä et ass nëmmen een Deel vum Puzzle.

An dofir wollt ech och d'Regierung froen, wéi wäit se mat der Planung vun der Maison pour personnes en fin de vie wieren. D'Palliativmedezin an d'Soinen am ambulante Beräich musse mer also mat Nodrock fuerderen. Et gi bis elo ganz wéineg Servicer, déi eng ambulant Betreiung ubidden, sou datt d'Offer net dem Wonsch vun der grousser Majoritéit, ëmmerhi 75% vun de Leit no enger Ufro wënschen doheem ze stierwen, Rechnung gedroe gëtt. An dës Situatioun wäert sech net besseren, wann ee bedenkt datt d'Demande u Soins palliatifs an deenen nächste Joren a Jorzéngte mat der Alterung vun eiser Bevölkerung wäert zouhuelen. Et stierwen haut nach bal 80% vun eise Leit an der Klinik. Mir mussen dowéinst ganz kloer Akzenter setzen. Wann een d'Soins palliatifs à domicile ausbaut, kann ee vill Patienten doheem betreien an och domadder erëm Better an de Palliativunitéite fräi maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Ausbau vu Soins palliatifs geet net nëmmen iwwert de Wee vun enger adequater Finanzéierung, mä ass fundamental an eng erausfuerdernd Prestatioun. Doranner falen d'Basissoinen, déi bis haut net vun de Krankekeese remboursëiert ginn, wa se doheem ugebuede ginn a gréisstendeels vun de Patienten oder iwwert de Wee vun Eegemëttel a Spendegelder finanzéiert ginn.

D'Basissoinen, wéi zum Beispill d'kierperlech Hygiène, sinn immens wichteg a kënnen net nëmme vun der Famill eleng vum Patient verriicht ginn. Zu de Palliativprestatioune falen och all déi technesch Akte vun den Infirmièren, mä awer och Interventiounen a Servicer wéi d'psychologesch Ënnerstëtzung vum Patient a vu senger Famill.

D'Promotioun vun der Palliativmedezin setzt eng finanziell pluridisciplinaire Prise en charge viraus.

Wat de Finanzéierungsmodus ugeet, kéint ee Forfaits palliatifs virgesinn. Et kéint een dës Forfaitë graduéieren, jee nodeems wéi schwéier den Zoustand vum Patient ass. Natierlech mussen dës Prestatioune vum Dokter verschriwwe ginn. Ech mengen och, datt dat iwwert d'Krankeversécherung misst lafen an net iwwert d'Fleegeversécherung, eleng aus deem Grond well net jidderee vun der Fleegeversécherung profitéiert an den Evaluatiounssystem vun der Fleegeversécherung net enger Situation de fin de vie adaptéiert ass. De Fleegeversécherungssystem ka ganz einfach net an den akute Situatioune vun engem Patient an der Endphas Rechnung droen.

Egal fir wéi e Finanzéierungsmodus sech d'Regierung entscheet, muss een d'Lücken tëschent der Kranken- an Fleegeversécherung iwwerbrécken. D'Realisatioun vun de Soins-palliatifs-Unitéiten a verschiddene Spideeler werft d'Fro vun den Effektiver an de materielle Ressourcen op. Méi Better gi gebraucht, méi Ressourcë sinn néideg fir d'Therapien ze finanzéieren, méi Personal dat eng spezifesch Formatioun an der Palliativmedezin huet, ass gefrot. An do dréckt de Schong.

Mat der Ariichtung vu Strukturen an der Aféierung vun engem effiziente Finanzéierungssystem ass net alles gemaach. Wat déngen déi Strukturen, wa weder Dokteren nach Fleegepersonal an der Palliativmedezin forméiert sinn? Vill ze vill Leit mussen hautdësdags nach schrecklech Péng aushalen, obwuel et Therapië ginn déi d'Péng souwäit wéi et geet neutraliséieren. Dësen Zoustand ass doropper zréck ze féieren, datt d'Palliativmedezin beim Corps médical net esou ausgepräegt ass wéi et misst sinn. Et ass also vun allergréisster Noutwendegkeet, datt de Soins palliatifs, am Kader vun der Formatioun vun den Dokteren an dem Fleegepersonal, souwuel um Ni-

veau vun der initialer Formatioun wéi och um Niveau vun der Formation continue, eng gréisser Bedeitung zoufält.

Ech si frou datt déi virleiend Motioun och op dëse Problem ageet an d'Regierung opfuerdert Initiativen op dësem Gebitt ze huelen, fir datt d'Palliativmedezin zu engem feste Bestanddeel vun der Formatioun vun den Dokteren an dem Fleegepersonal gëtt.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Eng weider Méiglechkeet d'Palliativmedezin ze fuerderen, wier och an mengen Aen e Léierstull an dëser Matière zu Lëtzebuerg ze schafen, zum Beispill am Centre universitaire. Domadder kéint een net nëmmen den Dokteren d'Formatioun ubidden, mä carrément d'Dokteren an dëser Disziplin forméieren, sou datt mir hei zu Lëtzebuerg e Pool vu Spezialisten an der Palliativmedezin hätten, déi Konferenzen a Formatiounen am Ausland matdroe kéinten. Wat wier dat e Räichtum fir eist Lëtzebuerger Land!

An nach eng Suggestioun. Fir esou séier wéi méiglech weider ze kommen, ass et sënnvoll ee Comité ze schafen, deen déi verschidde Projeten, Initiativen a Servicer kéint koordinéieren. Mir géifen domadder sécherlech méi séier e Projet de loi op den Instanzewee kréien.

Wéi steet et eigentlech ëm de Projet de loi vun der Regierung wat d'Soins palliatifs fir de Moment ugeet? Dëse Comité kéint sech aus Leit aus dem Familljen- a Gesondheetsministère, aus Vertrieder vun Dokterverbänn an aneren Associatiounen zesummesetzen. Et kéint een och do vun de jorzéngtelaangen Erfahrunge vum Personal vun der Palliativstatioun vun Esch profitéieren, esou wéi vun Omega 90.

Ech wéilt och kuerz op d'Dispositions de fin de vie agoen. Et ass wichteg, dass dës Dispositiounen eng legal Basis kréien. Mir hunn an der Kommissioun laang iwwert dëse Punkt diskutéiert a mat ville Leit um Terrain Récksprooch dozou geholl, notamment mat der Alzheimer Associatioun. Si behaapten, dass d'Dispositions de fin de vie e wichtege Guidage fir d'Dokteren an d'Fleegepersonal ass am Kader vun dementen oder schwéierst kierperlech a séileg behënnerte Leit.

Ech begréissen d'Tatsaach, dass mer an der Kommissioun op de Wee gi vun der Dépénalisatioun vum Acharnement thérapeutique. Ech hoffen, dass déi virleiend Motioun, déi d'Regierung opfuerdert d'Strofgesetz deementspriechend ze änneren, hei eng grouss Zoustëmmung fanne wäert.

Mat Nodrock wënschen ech mer, dass d'Regierung sech meng Iwwerleeungen, virun allem wat d'Palliativmedezin ugeet, zu Häerzen hélt, well et steet villes um Spill. Et geet ëm eist Zivilitéitspotenzial. Wéi wäit si mir bereet eis fir eis onheelbar krank Matbierger ze investéieren? Fir mech stellt sech d'Fro net. Et ass eis Flicht déi ze begleeden, déi krank sinn, an optimal en charge ze huelen, an déi déi leiden a stierwen um beschte Wee ze begleeden.

Mir hunn haut d'Geleeënheet e Kader ze schafen an deem d'Palliativmedezin ausgebaut ka ginn. Mir däerfen dës Geleeënheet net verpassen, well eent steet fest: Stierwe musse mir all, mä hoffentlech an Zukunft méi mënschewürdeg wéi bis elo. Duerfir musse mir virun allem viru kengem Effort zréckschrecken.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydie Err agedroen. D'Madame Err huet d'Wuert.

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Kee Mënsch contestéiert dass et gutt ass, dass d'Medezin sech esou développéiert huet wéi dat haut de Fall ass, mä och do eraus ergi sech Folgeproblemer, ënner anerem dee vun der Euthanasie. Och dat erkläert wahrscheinlech firwat déi Problematik vun der Stierfhëllef eréischt intensiv an deene leschte Jorzéngten diskutéiert gëtt. Fir de Problem vum Stierwen ze léise gëtt et keng technologesch, mä nëmmen eng ethesch Léisung. Wann ee vum Stierwe schwätzt wier et och besser vu Gestaltung vum Doud ze schwätzen, well d'Fro vum Doud u sech net ze léisen ass.

D'Stierwen ass esou eng individuell Saach wéi d'Liewen et ass. Duerfir ass et inakzeptabel engem d'Virstellungen op eng bestëmmte Manéier ze stierwen opzedrängen oder engem seng eege Virstellungen ze verwieren, déi zwar korrekt an den Ae vu deenen anere sinn, mä gläichzäiteg contraire zu de Vuë vum Stierwenden.

Dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass a mengen Aen Tyrannei, ontolerant an inakzeptabel. Dat ass Besserwësserei vu Leit oder vun Institutiounen, deenen hir Gewunnecht et ass anere Leit hir Ethik, hir Welt- an hir Wertanschauungen opzedrängen. Dat geet net, well fir säin eegent Liewen a säin eegenen Doud all Mënsch säin eegenen Expär oder seng Expertin ass. Och am Stierwen huet jiddfereen d'Recht sech selwer a sengen eegene Virstellungen trei ze bleiwen. Den Doud ass vläicht déi eenzeg Gerechtegkeet am Liewen, well virum Doud si jiddefalls an der Theorie d'Leit all gläich, obschonn et och hei nach Ënnerscheeder gëtt.

Et ass kloer - an et ass schonn ugeschwat ginn -, dass et Leit ginn déi wësse wéi sech unzeleeën ass fir ouni Péng ze stierwen, sech selwer hëllefe kënnen, respektiv Leit kennen op déi se sech verloosse kënne fir gehollef ze kréie wa si um Enn vun hirem Liewen ukomm sinn. An da ginn et all déi aner, déi net déi Chance hunn déi Kenntnisser selwer ze hunn, oder Leit ze kennen déi se hunn, an déi drop ugewise sinn esou ze stierwe wéi aner Leit fir si selwer et gutt fannen. Dat ass a mengen Aen net an der Rei.

Zënter 1995, säit där éischter Orientéierungsdebatt zur Euthanasie, gëtt an der Chamber zu Lëtzebuerg vill geschwat a vill geschriwwen iwwert dat Thema, ouni dass ee bis haut awer kann een eenzege konkrete Fortschrëtt verzeechnen. Mir haten d'Orientéierungsdebatt. Mir haten eng Interpellatioun 1999 mat enger notabler Ausnahm, wou och Regierungsmembere sech deemools hunn dierfen à titre personnel ausdrécken. Mir hunn duerno e Gesetz kritt iwwert d'Droits et devoirs du patient. Mir hunn Ethikskommissiounen um Pabeier agefouert, déi et an der Praxis net gëtt an déi nach manner an der Praxis schaffen. Mir hu Motioune gestëmmt. Mir hu Wahlprogramme geschriwwen. Mir hu Koalitiounsprogrammer gelies.

A propos Koalitiounsprogramm ass et vläicht derwäert ervirzesträichen, dass ee sech normalerweis géif erwaarden dass an engem Koalitiounsprogramm dat steet wat ee wëlles huet ze maachen, an net dat wat een net wëlles huet ze maachen. Och dat ass sécherlech keen Zoufall. Dat ass fir mech souguer symptomatesch a skandaléis, well an esou enger wichteger ethescher a gesellschaftspolitesch relevanter Fro d'Regierung de Majoritéitsdeputéierten domadder probéiert d'Hänn ze bannen.

Dat ass géint all Prinzipie vum normale Fonctionnement vun enger parlamentarescher Monarchie, déi d'Prétentioun jiddefalls huet demokratesch ze fonctionnéieren. Dat ass um Niveau vun den Iddien eng Diktatur vun den Iddie vu Konservativen, wann net vun der kathoulescher Kierch iwwert d'Politik. Dat ass Parteidisziplin oder Regierungsverantwortung iwwer eegen an individuell politesch Verantwortung gestallt. Ob esou eng Prozedur kann opgoen, an enger Fro déi iwwert d'Stierwe geet, sief dohinner gestallt.

D'Recht ze Stierwen - de Patrick Santer huet dat hei viru mir uklénge gelooss - ass kee Mënscherecht dat ee kann ofleede vum Artikel 2 vun der europäescher Mënscherechtskonventioun. Wat hien awer net gesot huet a wat ech ënnersträiche wëll, ass dass deeselwechten Artikel 2, deen d'Recht op d'Liewen aschreift, keen Empêchement ass op nationalem Plang eng Gesetzgebung ze maachen, déi eng deelweis Dépénaliséierung ënner gewëssene Konditioune vun der Euthanasie géif virgesinn, well - dat ass och ganz kloer an engem Arrêt gesot - den Droit à la vie aus dem Artikel 2 net heescht dass all Stat d'Obligatioun hätt d'Liewe vu senge Bierger a Biergerinnen ze schütze géint de Wëlle vun hinne selwer.

Et ass also esou, dass mir als politesch Verantwortlech heibannen duerchaus de Choix hunn esou eng Gesetzgebung ze maachen, virausgesat mir hätten alleguerten de Courage, trotz Koalitiounsprogramm, op de Wee vun eisen eegenen Iwwerzeegungen ze goen.

Ech wëll vläicht ganz kuerz soen dass, wa mer esou eng Gesetzgebung hätten déi an de Sënn geet vun därer, déi ech mam Jean Huss proposéiert hunn, da géif dat natierlech mar net heeschen, dass iergendeen, deen Euthanasie, Stierfhëllef fir sech selwer net wëllt, déi kéint imposéiert kréien. D'Liberté de religion heescht jo och net, dass jiddferee forcéiert gëtt eng Relioun ze hunn oder eng Relioun ze praktizéieren, an d'Recht sech ze scheeden obligéiert och kee Mënsch auserneen ze goen.

D'selwecht wier et wa mer e Gesetz hätten, wat d'Stierfhëllef ënner gewësse Konditioune stroffräi géif maache fir déi Leit, déi et haut praktizéieren, déi et ouni et ze soe praktizéieren, déi net poursuivéiert ginn an domadder am Fong ganz kloer maachen, dass et zu Lëtzebuerg op dësem Punkt wéi op aneren en Auserneeklaffe gëtt zwëschent engem Gesetz an enger Praxis.

Den Dokter Schroell huet hei uklénge gelooss - an hien ass gutt placéiert fir ze wësse vu wat hie schwätzt -, dass och zu Lëtzebuerg an de Kliniken oder doheem Stierfhëllef praktizéiert gëtt, à huit clos souzesoen, ouni Transparenz, ouni Poursuiten, ouni Kontroll, dat heescht op eng Aart a Weis déi et eleng dem eegene Gutdünke vun den Dokteren iwwerléisst Stierfhëllef ze praktizéieren oder net.

Dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass fir mech de spréngende Punkt. Et kann net sinn dass d'Décisioun, ob oder ob keng Stierfhëllef geleescht gëtt, vun deem ofhänkt dee se ka ginn, an net vun deem ofhänkt dee se ka reklaméieren. Et kann net sinn dass eppes guttgeheescht gëtt, wat an der Praxis wéi haut leeft, ouni dass kloergestallt ass dass déi Stierfhëllef, déi praktizéiert gëtt, effektiv och gefrot ginn ass a sech enger Gesetzgebung opposéiert, déi ganz kloer géif Konditioune setzen ënnert deenen eng Stroffräiheet vun der Euthanasie kënnt envisagéiert ginn, mä ze soen: Dat kënne mer net maachen, dat gëtt ze vill Dériven.

Dérivë ginn et haut, Dir Dammen a Dir Hären, wou an de Klinicken eppes praktizéiert gëtt, wat absolut ontransparent ass. Duerfir ass et och kloer, dass d'Oppositioun, déi mer vun de professionelle Milieuë kennen, ëmmer vun do kënnt, well do déi Handlungsfräiheet komplett ageschränkt gëtt, well Kontrollen a Konditiounen agefouert ginn a well et kloer ass dass, wa mer e Gesetz hätten, da géifen et och Poursuitë ginn, wann déi Konditioune vun der Stee net géife respektéiert ginn.

Dat sinn, Dir Dammen an Dir Hären, déi Ursaachen déi deelweis erklären, dass et eng ganz staark Oppositioun gëtt zu der Wëllensfräiheet zur Stierfhëllef duerch de Patient selwer amplaz vum Dokter. Dat ass inakzeptabel an ech mengen, dass all Demokratie misst drop beflass si fir d'Praxis an hirem Land mam Gesetz an Aklang ze bréngen. Wa mer wëssen, dass dat de Moment net de Fall ass, da wiere mer gutt beroden op de Wee vun enger Gesetzgebung ze goen. Wa mer dat wëlle maachen, misste mer awer virun allem kloerstelle vu wat mer schwätzen.

Wat ass eigentlech Euthanasie? All Mënsch schwätzt driwwer, mä et ass awer vläicht derwäert fir et eng Kéier ze definéieren.

Euthanasie oder Stierfhëllef ass, wann een engem aneren hëlleft ze stierwen. Esou wäit ass all Mënsch d'accord, mä fir mech ass de Schluss vun der Definitioun relevant, wou gesot gëtt „ausschliesslech op Demande vun deem, deen amgaang ass ze stierwen". Dat mécht ganz kloer, dass déi Euthanasie, vun där mir schwätzen, déi ass déi exklusiv eng volontaire Euthanasie ass an an där hirem Décisiounsprozess keng Plaz ass fir d'Matsproocherecht vu Famill, vu Frënn, vum Dokter an och net vum medezinesche Personal. Et ass en exklusiv perséinlechen Ausdrock vum Wonsch no enger Hëllef fir ze stierwen um Enn vun engem Liewen.

An dann ass och vläicht interessant ze wëssen, dass eng Enquête gemaach ginn ass - an Australien, mengen ech, war et -, fir ze kucke wat et bedeit Stierfhëllef ze hunn am Kader vun engem Gesetz. Do ass notamment an Australien erauskomm - wou et e Gesetz iwwer Stierfhëllef gëtt -, dass déi Zäit déi d'Liewe verkierzt gëtt mat engem Gesetz an der Moyenne 14 Deeg ass. Et ass also kloer, dass och mat engem Gesetz muer net d'Krankekeesen enorm géifen entlaascht ginn. Et geet net ëm eng Saach vu Coût, et geet ëm eng Saach vu Gesetzlechkeet, vu fräiem Wëlle vum Stierwenden an et geet virun allem ëm Respekt virum Doud, engem Doud no den eegene Virstellunge vu jiddferengem.

Passiv oder aktiv Euthanasie ass hei ugeschwat ginn. Ech hat zwar net wëlles driwwer ze schwätzen, mä et geet erëm net.

***(Interruption)***

Passiv Euthanasie, esou wéi se hei ugeschwat gëtt, do gëtt ni präziséiert dass och déi passiv Euthanasie, wann et se da géif ginn, wat ech contestéieren, nëmmen da kënnt akzeptabel si wa se och volontaire wier. Or mengen all déi Leit, déi vu passiver Euthanasie schwätzen, domadder d'Verofreechung vu staarke Medikamenter, vun deenen ee weess dass se wahrscheinlech den Doud erbäiféieren. Do gëtt ni gesot, dass och déi Zort vun Euthanasie nëmme mam agestanene Wëlle vun dem Stierwende kënnt verofreecht ginn.

Or ass dat, Dir Dammen an Dir Hären, a mengen Aen, eng weider Ursaach fir ze soen, dass déi Praxis vun haut inakzeptabel ass an dass et wierklech vill méi kloer a vill besser ass wa mer e Gesetz hunn, wat kloer ënnert gewëssene Konditiounen Euthanasie erlaabt a wat eng Méiglechkeet opmécht fir de Respekt vun deene Konditiounen, déi an dat Gesetz stoe kommen, ze kontrolléieren.

Oder, ech stellen Iech eng Fro: Ass eng passiv Stierfhëllef ouni de Wëlle vum Stierwenden, dee sech net explizit ausgedréckt huet, besser wéi eng aktiv Stierfhëllef déi explizit vum Stierwenden ausgedréckt ginn ass?

Ech mengen, wa jiddferee mat sech selwer éierlech ass, da kënnt en zum Schluss dass déi zweet Hypothees déi besser ass, dat heescht, wann de Wëlle vun deem, ëm deem säi Liewen et geet, respektéiert gëtt, och da wann et sech ëm en aktiven Euthanasieakt géif handelen.

Ee Beispill fir ze demonstréieren dass deen Ënnerscheed a mengen Aen absolut onzoulässeg ass, an zwar net nëmme juristesch, mä och praktesch. Et gëtt gesot vun de Vertrieder vun der Thees vun der passiver Euthanasie dass, wann e Mënsch schlecht drun ass, da kënnt e staark Medikamenter kréien, och da wann e wéisst dass déi Medikamenter eng Beschleunegung vum Doudesprozess géife mat sech bréngen. De Fait dass, wann een e Medikament verofreecht, dat e positiven Akt ass, do juristesch iwwerhaapt keng Diskussioun ass. Also, wann et géif drop ukommen, dat ganz kloer géif als en Akt ugesi ginn um Geriicht, esou dass et absolut kloer ass dass déi Differenz tëschent där sougenannter passiver an aktiver Euthanasie eng komplett artificielle ass, eng Construction de l'esprit vun all deenen déi wëssen dass se géint een Deel vun Euthanasie souwisou net erlaanscht kommen, déi awer net déi intellektuell Éierlechkeet hu fir zouzeginn dass déi Differenz eng ganz theoretesch ass, déi an der Praxis kee Bestand kann hunn.

Oder ass et, Dir Dammen an Dir Hären, eng Logik fir ze behaapten, wann een engem seng Longen-Häerz-Maschinn, seng Beootmungsmaschinn ofstellt, dass dat keng aktiv Euthanasie wier? Dat ass net nëmmen e konkreten Akt, dat ass en Akt vun deem ee weess dass en net nëmme wahrscheinlech, mä doudsécher den Doud mat sech bréngt. A fir do nach eng Differenz wëllen ze maachen, ass a mengen Aen eng Illusioun a reng onrealistesch.

Une voix.- Très bien.

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Wat wichteg ass, dat ass dass all Mënsch muer soll d'Virstellung vu sengem eegenen Doud zu Lëtzebuerg kënne realiséieren, ouni doduerch en aneren, e Medeziner oder e Paramedeziner, enger Poursuite pénale auszesetzen. Et ass net un den Dokteren an et ass net um paramedezinesche Personal de Risiko fir den individuelle Stierfwonsch vun engem Patient weiderhin ze droen. Et geet och net duer, an dat ass schonn ugeklongen hei, fir sech op de Schwuer vum Hippokrates ze versteifen, fir ze soen den Dokter wier och mat engem Gesetz, wat hinne géif Stroffräiheet ginn, kaum duerch dësen Eed entbonnen. Et ass evident dass déi Méiglechkeeten, déi et an der Medezin haut gëtt, zu deenen Zäite wou den Eed gebuere ginn ass, kee Mënsch sech hätt kënne virstellen an dass d'Interpretatioun vun deem Eed och muss esou si wéi d'Evolutioun vun eiser Gesellschaft a wéi d'Entwécklung vun der Wëssenschaft et mat sech bréngt.

Souwisou ass et kloer, och wa mer kee Gesetz kréien iwwer Euthanasie, dass dat net heescht, dass et zu Lëtzebuerg kee Fräidoud wäert ginn. Mir verhënneren haut ouni Gesetz weder e Suicide nach eng Euthanasie. Mir verhënnere just eng Kontroll iwwer e Phenomeen dat weiderhin am stillen Kämmerlein, à huis clos soll lafen. Dat eleng, mengen ech, geet duer fir ze soen, mir brauchen och zu Lëtzebuerg eng Kohärenz tëschent der Praxis an dem Gesetz. A firwat net och eemol vun engem Memorandum Benelux a gesellschaftspolitesche Froe schwätzen, wéi mer dat ëmmer nëmmen op aussepoliteschem, haaptsächlech op europäeschem Plang maachen?

Ass et normal dass e Lëtzebuerger dat belscht Gesetz kann invoquéieren, andeem dass en op Arel bei en Dokter geet, e Médecin traitant

huet dee fënnef Kilometer méi wäit wunnt wéi deen a sengem eegenen Duerf, an duerch d'belscht Gesetz d'Méiglechkeet kritt Euthanasie kënnen ze verlaangen, an enger Hypothees wou e schlecht drun ass, well dat zu Lëtzebuerg net méiglech ass?

Ass et logesch, dass Homosexueller, déi sech zu Lëtzebuerg net kënnen offiziell zesummen dinn a sech net kënne bestueden, kënnen op Tréier goen an do, ouni eng Clause de résidence ze begéinen, e Kontrakt ofschléissen, deen zu Lëtzebuerg nach ëmmer net erlaabt ass?

Ech denken, dass Lëtzebuerg, och op esou delikate gesellschaftspolitesche Froe wéi dëser, sech net ëmmer kann zéien a waarde fir als Leschten aus enger Géigend aktiv ze ginn, an domadder seng Bierger ze forcéieren, d'Satisfaktioun vun hire Virstellungen am noen Ausland ze sichen.

Ech mengen, dass och e Gesetz doriwwer eraus nach den Avantage hätt, eng Inégalitéit tëschent de Bierger ofzeschafen, déi déi ech schonn ugeschwat hunn, an zwar déi déi wëssen oder ee kennen dee weess wéi et geet, an deenen aneren, fir déi dat net de Fall ass an déi net d'Moyenen hu sech sou ze soen den Doud vun hire Virstellungen anzekafen.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Ech mengen dofir dass et wichteg ass hei festzehalen, dass d'Stierwen e perséinlecht Uleies ass an dass et eng ethesch Fro ass, déi e Gesetz souwisou net ausschléisse kann, mä d'Gesetz misst am Fong jiddferengem déiselwecht Chance gi virum Gesetz, fir am Aklang mat sengen eegene Virstellungen aus engem Liewen ze scheeden, fir an dat anzetriede kee gefrot ginn ass.

Dat ass, Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Fräiheet vun all Mënsch. Ech denken dofir, dass et wichteg wier e Wuert nach ze soen zu där Proposition de loi déi ech mam Jean Huss gemaach hunn, fir drop hinzeweisen dass alles wat an där Propositioun steet zur Diskussioun ass, ausser dräi Prinzipien, déi dräi Prinzipien déi do heeschen:

1. Eng gesetzlech an obligatoresch Unerkennung vun enger Disposition de fin de vie.
2. De Prinzip vun enger volontärer Stierfhëllef exklusiv an där keen anere Matsproochrecht huet.
3. Eng conditionnell Stroffräiheet fir den Dokter oder d'paramedezinescht Personal, an der Presenz vun engem widderhuelenden Doudeswonsch vun engem Stierweskandidat.

Dat sinn dräi Prinzipien, wa mer eis op déi hei kënnten eenegen, da géing selbstverständlech d'Commission d'évaluation, déi an eiser Propositoun steet, zur Dispositioun stoen. Déi ass iwwregens souwisou ganz falsch interpretéiert ginn. Mir haten eis déi am Fong geholl virgestallt als eng ausgestréckten Hand vis-à-vis vun all deenen déi Reserven hunn, an der Hoffnung dat kënnt déi leschten Ängscht virun Dérivë vun enger Gesetzgebung aus der Welt schafen. Dat schéngt net de Fall se sinn. Ech perséinlech wier - an ech weess och, dass dat fir de Jean Huss de Fall ass - vill méi frou wann déi Commission d'évaluation eraus wier an och d'Doktere kënnten an deem Fall, schéngt et, méi einfach mat där Propositoun liewen.

E Gesetz zur Stierfhëllef, an domadder wëll ech ophalen, Dir Dammen an Dir Hären, hätt och nach niewebäi den Avantage den Doud méi an Erscheinung ze bréngen an de Leit zu Liewenszäite vläicht en Deel vun hirer Angscht virum Doud ze huelen. Dat eleng wier mat deene prinzipiellen Iwwerleeunge vu Kohärenz tëschent Praxis a Gesetz, Toleranz, Transparenz an esouweider a mengen Aen derwäert aktiv ze ginn. Mir hu genuch dovu geschwat, mir missten endlech Décisiounen huelen déi et géifen erlaben och eist Liewensenn méi ze ziviliséieren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Den Här Krieps huet d'Wuert.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer ze soen, dass deen heitege Sujet méi ons Patienten interesséiert wéi déi professionnell Milieuen, Medeziner oder Net-Medeziner. Niewebäi ware mer verwonnert, dass dës Problematik net an enger eenzeger Réunioun an der Chamberskommissioun vun der Santé behandelt ginn ass an dësem Haus.

An de fréie 50er Jore vum leschte Jorhonnert ass bei den doudkranke Patiente mat vill Schmäerzen dem Henri Laborit säi „Cocktail lytique" agesat ginn. An deem Cocktail waren, niewent der Morphine, Largactil oder Barbituriquen. An den nordesche Länner ass deemools schonn d'Morphine eleng agesat ginn. Den Duerchbroch an der Schmerzbehandlung koum duerch d'kathoulesch Kierch, déi hei jo de Mëtteg zimlech iwwert de Leescht gezu ginn ass. Duerch déi Encyclique "de humanae vitae" huet d'kathoulesch Kierch eng effektiv an intensiv Schmerztherapie erlaabt, esouguer wann doduerch d'Liewenserwaardung vum Patient reduzéiert gouf.

Duerno huet een an Europa ganz gutt gesi wéi progressiv dee Gradiant Nord-Sud am Morphine-Gebrauch sech ausgeglach huet. Déi grouss Majoritéit awer vun de Kolleege bei de Medeziner, déi an der Onkologie schaffen, an ech hunn an de leschte Woche mat e puer vun deene geschwat, si géint e Légiféréieren oder Reglementéiere vun der aktiver Stierfhëllef, an esouguer vun der Dépénalisatioun. Si soen, dass e Recours op eng aktiv Stierfhëllef mat der Systematiséierung vun de Soins paliatifs ganz selten erfuerdert ass. Een huet den Ausdrock gebraucht: „Once in a blue moon". Deen aneren hat ons geschriwwen, all Deputéierten heibannen huet eng Kopie vun dem Bréif un de President Spautz kritt, wou e vun zwee Fäll am Joer schreift. Ech mengen, dat musse mer eis virun Aen halen. Leschtlech gesi se den Testament biologique als eng gutt Saach, well et den Ausdrock vum Patient duerstellt an dem Patient säi Wëllen, an och d'Famill gëtt duerch esou en Testament de vie réconfortéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Si vous ne me tuez pas maintenant, vous êtes un assassin", dat huet eng Kéier e berühmten Agonisant sengem Dokter zougeruff.

Ech wollt Iech e puer Wuert hei a mengem perséinlechen Numm zu dëser Debatt soen, well hei gëtt et jo keng kloer parteipolitesch Trennungslinnen a sécherlech och keng Parteidisziplin, och net an der DP, wéi dat no bausse schénge kënnt. Et ass e ganz eeschte Problem. Dat ass de Mëtteg hei e puermol gesot ginn. Ech wäert och net iwwert d'Soins palliatifs schwätzen an och net iwwert d'Abstention thérapeutique, well déi zwee Domäner schéngen eng breet Akzeptanz ze fannen. Ech erënneren awer drun, dass, virun Holland an der Belsch, eng australesch Provënz 1996 déi éischt Législatioun iwwert d'Euthanasie hat, d'Northern Territories, an déi ass e puer Méint duerno prompt ofgeschaaft ginn duerch déi federal australesch Regierung, well ze vill Onsécherheeten an där Gesetzgebung waren. Ech erënneren och drun, dass Australien net nëmme Känguruen huet, mä déi bescht medezinesch Recherche op der Welt.

An Holland, dat ass de Mëtteg hei gesot ginn, ass am Abrëll 2001 d'Gesetzgebung ugeholl ginn, déi den 1. Abrëll 2002 a Kraaft getrueden ass, obschonns, muss een och soen, déi Praktik bei den Hollänner scho säit 1997 toleréiert ginn ass an esouguer säit 1994 partiell dekriminaliséiert war.

Ons belsch Nopere sinn d'lescht Joer op deeselwechte Wee gaangen. Och a Spuenien gesäit de Code pénal säit 1995 d'Euthanasie an de Suicide assisté net méi als Homicide un. A villen europäesche Länner gëllt d'Abstention thérapeutique net méi als stroffälleg. A villen aneren europäesche Länner, den honorabelen Här Huss huet de Mëtteg dorun erënnert, mat Däitschland, Schweden, Norwegen, Italien, Griicheland, bleift d'aktiv Stierfhëllef e Crime.

Ausserhalb vun Europa gëtt et kaum Länner, Kolumbien a China, wou dem Patient sengem Wëllen no aktiver Stiefhëllef nokomm gëtt.

De Suicide assisté, also déi Situatioun wou e Mënsch sech d'Liewen hëlt, mat der Hëllef vun enger anerer Persoun, ass a bleift fir dee Betraffenen eng ganz grave Décisioun, a fir déi Persoun, déi hëlleft, e Crime. Ech erënneren hei erëm - dat hunn ech schonn eng Kéier op dëser Tribün gemaach - un dem Camus säi Wierk: „Le mythe de Sisyphe", wou e seet dass déi Décisioun fir sech d'Liewen ze huelen héchstwahrscheinlech déi schwéierst iwwerhaapt am Liewe ka sinn.

Ech ginn och hei net op déi jorhonnertelaang Oppositioun an, tëschent der chrëschtlecher Traditioun, déi ganz streng mat dem fräiwëllegen Doud ëmgaangen ass, an der philosophescher Ethik vun de Stoïker, déi am fräiwëllegen Doud déi ultime Fräiheet gesinn hunn. Dëse Wäertekrich ka keng rationell Léisung fannen. Déi Notioun vum „Freitod", ass de Mëtteg hei ugeschwat ginn, der freie Tod, geet wouméiglech zréck op de Friedrich Nietzsche. Et ass ze komplizéiert, fir dass mer haut de Mëtteg hei en Discours doriwwer halen, mä assistéiert oder net, ass e Suicide fir d'Medezin a fir d'Gesellschaft en Echec.

Här President, d'Madame Err an den Här Huss hunn an hirer Proposition de loi eppes Zwéngendes an hirer Approche, wat bei ons op vill Skepsis stéisst. Si hu sech vill Méi gi fir déi Propositioun eranzebréngen a si hunn och de Mëtteg hei gesot, dass vill dorunner kënnt geännert ginn. Ech hunn an hirer Proposition de loi vill affektiv Plusvaluë vermësst, vis-à-vis vun deene Leit déi sech esou enger Mesure ënnerzéie géifen. Vill Matbierger vun ons wëllen net en organiséierten Doud an et weess een net op ënner Beruffung op e Selbstbestëmmungsrecht, d'Fräiwiel vum Doudeszäitpunkt muss ageklot ginn. Mir fäerte grad dass schwaach oder hëllefsbedierfteg Mënschen an onser Gesellschaft ënner Drock komme kënnten - ech setzen de Conditionnel -, fir engem Enn vun hirem Liewen zouzestëmmen.

E puer Punkten an Ärer Propositioun, Madame Err an Här Huss, hu mer net gefall, an ech soen Iech se, wann Der sengerliewen do eng Kéier eng Korrektur ubréngt. Am Artikel 14, dee leschten Artikel, gëtt quasi e „Faux en écriture" légaliséiert, wou d'Doudesursaach als "Mort naturelle" soll ugi ginn. Dat ka jo net sinn. Wou bleift dann hei d'Wourecht? Also ech mengen, dat ass eng Onsécherheet, och legal.

De Mépris vis-à-vis vun de Soignantë gëtt schonn op der zweeter Säit vum Exposé des motifs ganz kloer, Här Huss. Ech hu se gutt gelies. D'Demande volontaire gëtt betruecht am Artikel 2: Le cas échéant misst se répétéiert ginn. Ech mengen, dat misst méi wéi eng Kéier ausgedréckt ginn.

***(Interruptions)***

Mä, Dir schreift, „le cas échéant misst een", an dann Är faméis Kommissioun vun néng Memberen. Wann de Sujet net esou eescht wär, misst ech doriwwer laachen, well do sinn dräi Dokteren dran, dräi aner Spezialiste vun der Ethik an dräi Membere vun der Zivilgesellschaft. Ech si ganz frou wa bei deenen nächste Wahle verschidde vun deene Membere vun der Zivilgesellschaft hei an d'Chamber gewielt ginn oder an d'Regierung kommen, fir dass déi net iwwer meng Aart a Weis, wéi ech ze stierwen hunn, eng Kéier ze wiele kréien. Ech gleewen och net, dass dat deene Leit en Déngscht leescht. Déi Kommissioun zu néng ass ze vill grouss. Déi kënne bestëmmt d'Confidentialitéit net respektéieren.

***(Interruption)***

Här Huss, loosst mech fäerdeg schwätzen.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Wann Der sot, Dir hätt déi Proposition de loi ganz gutt gelies, dann heescht dat, datt Der am Fong dach awer de Sënn vun där Kommissioun iwwerhaapt net verstanen hutt. Déi Kommissioun soll exklusiv do si fir ze kucken, ob d'Konditiounen, déi an de Paragraphe virdrun an an den Artikele vum Gesetz opgezielt ginn, effektiv erfëllt sinn, a méi soll déi net maachen.

Ech hu virdrun hei gesot, an d'Madame Err huet et och gesot, wann dat de Problem ass, da sti mir net op déi Kommissioun. D'Madame Err huet et hei gesot, mir hunn et haaptsächlech gesinn als eng ausgestreckten Hand, par rapport zu all deene Leit déi fäerten, et géif duerch eng Dépénaliséierung herno zu Abüe kommen. Well an Holland an an der Belsch esou eng Kommissioun hannendru gesat ginn ass fir Kontrollen ze maachen, hu mir se kontrollshalber virdru gesat. Mä wann dat den Haaptproblem ass, si mir gär bereet dann op esou eng Kommissioun ze verzichten. Sans problèmes.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Eng Kommissioun vun néng Leit schéngt mer ze grouss ze sinn. Dir hutt Recht wou Der dat sot, dass den Zweck dovunner dat ass. Et steet awer och do, en cas de doute kéint d'Anonymat vum Dossier gebrach ginn. Dat steet nämlech och do. A souwisou, déi Kontroll expost wär och noutwendeg mat engem Riichter an engem medezineschen Ombudsmann, wann Der sou ee Wee aschloe wëllt, a souwisou sinn och déi Délaie vun dräi oder siwen Deeg vill ze laang, also do sinn eng Rei Saachen déi misste gekuckt ginn.

Net considéréiert an där Proposition de loi sinn och déi grouss kulturell Ënnerscheeder an onser Lëtzebuerger Gesellschaft hei, well et ass e Fait dass verschidde Matbierger d'Wourecht vun hirer Krankheet emol net erdroen, scho guer net ze schwätze vun der Perspektiv vum Doud. Ech erënneren do zum Beispill un d'italienesch Communautéit, wou ganz vill beschriwwen Artikele sinn iwwer sou Schwieregkeeten.

En anere vun eise respektéierten Onkologen, deen deen ons e Bréif geschriwwen huet, huet och gesot, an do gëtt hie vun der Commission nationale d'éthique ënnerstëtzt, dass all eenzelne Fall, deen an esou eng Situatioun kéim, anescht léich, an dass ee quasi fir all eenzelne Fall misst een eenzelt Gesetz maachen. A verschidde vun eise Kolleegen an hir Equipes soignantes, déi doudkrank Patiente behandelen, si sech och de gesetzleche Lacunë bewosst, mä si wëllen op kee Fall, dass sech elo Jänni a Männi an Décisiounen amësche geet, déi se net vill uginn.

Ech fir mäin Deel gleewen och dass d'Familljen héchstens consultéiert oder informéiert solle ginn, mä dass d'Décisioun beim Patient leie soll a vun enger ganzer Equipe soignante consensuel gedroe muss ginn. All aner Propositioune sinn net ganz deontologesch.

Sécher missten och an deenen eenzelne Spideeler oder Institutiounen déiselwecht Regele gëllen. Deen Euthanasietourismus, wéi mer e schonn, souguer iwwer eis kleng Grenzen ewech, erlieft hunn, alles dat misst gekläert gi wann et eng Kéier souwäit kéim, an och wann dës Chamber eng Kéier géif op e Wee vun enger Dépénalisatioun goen - an ech soen Iech, ech hunn do meng grouss Bedenken, ech widderhuelen dat hei, dat huet d'Madame Err wuel virdru gesot -, misst dat déi ganz Equipe soignante, also och d'Net-Medeziner, betreffen. Mä trotzdeem, ob dat elo mat all deenen Onsécherheete gesetzlech geregelt ka ginn; da gleewen ech souguer bei enger hypothetescher gesetzlecher Basis, dass et hei op d'Absicht ukënnt, an déi ass schwéier an deenen Dossieren erauszeschielen.

D'Medeziner wëllen op kee Fall d'Exécutantë vun Aktioune ginn, wou se wéineg Entscheedungsgewalt hunn. D'Angscht virum Doud huet ni bei de primitive Völker bestanen, an et ass jo och kloer dass enges guddes Dags - an do kommen ech herno och nach drop zréck - d'Relioune vun den Notioune vum „Jugement dernier" ofréckele mussen, well ech mengen dat wär eng Noutwendegkeet, an ech wëll nach eng Kéier do virdru warnen - dat ass och ugeklongen -, dass mer net op engem individuelle Plang d'Méiglechkeeten instauréieren, déi virun net allze laanger Zäit op grousser Echelle an der Gesellschaft an Däitschland - den Här Huss hat dorunner erënnert - applizéiert gi sinn.

Mir mussen all Gewalt géint psychesch Kranker, eeleren, net kompetenten oder behënnerte Matbierger formell ënnerbannen, fir dass si net ouni oder géint hire Wëllen an eng Situatioun gerode kënnten, wou anerer iwwer hiert Liewen oder souguer de Wäert vun hirem Liewe befanne kéinten. D'Rechter vum Patient dierften och ni zur Pflicht fir d'Equipe soignante ginn, wann deenen hir Deontologie oder perséinlech Liewensopfaassung dat net zouléisst.

Ech gleewen, dass eng Evolutioun vun den Iddien an dësem Dossier méiglech ass, dat soll een awer net iwwerstierzen. Dat ass meng Meenung zu dësem Dossier a mir wëssen och all, dass onst Zesummeliewen an der Gesellschaft iwwer Jorhonnerte vill vun Dogme geprägt ginn ass, dass awer d'Gesellschaft ënnert deenen Dogmen évoluéiert huet an dass deen Eenzelnen ënnert där Gesellschaft nach méi séier évoluéiert huet. Dat heescht do kann eng gewëssen Dehiszenz entstoen.

Mir soen hei, an ech soen dat och a mengem perséinlechen Numm, dem Premier merci, well hien an der Ried zur Lag vun der Natioun 2001 deen Dossier erëm opgeschloen hat. Mäi Merci gëllt och den honorabele Madame Lydie Err an Här Jean Huss. Natierlech kommen ech net derlaanscht mengem Fraktiounschef Jean-Paul Rippinger vun dëser Plaz aus ze félicitéiere fir dee gudde Rapport, deen hien am Numm vun där Spezialkommissioun Ethik virgedroen huet.

Mir wäerten an der Zukunft méi oft mat dësem Gesellschaftsproblem konfrontéiert ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Santer an d'Madame Meyers hunn am Numm vun eiser Fraktioun d'Meenung vun den 19 Kolleege vun der CSV-Fraktioun hei duergeluecht. Ech brauch net méi dorobber zréckzekommen. Ech wollt am Fong geholl hei ënn-

me reagéieren op zwou oder dräi Aussoen déi gemaach gi sinn, a wou mir hei, respektiv d'Koalitioun, an d'Diskussioun bruecht gi sinn.

Ech war a wäite Strecke mat deem d'accord wat den honorabelen Här Bodry hei ausgeféiert huet, net lo wat de Fong vun der Problematik vun der Euthanasie active ubelaangt, mä awer seng generell Approche fir dee ganz komplexen Thema, dee mer hei behandelen, ze situéieren. Hien huet vun der Gewëssensfräiheet vun deem Eenzelne geschwat, vun deem Eenzelnen dobaussen an der Gesellschaft, vun deem eenzelnen Deputéierten, vun deem eenzelne Minister, an dat hei ass fir jiddereen eng Gewëssensfro, huet e gesot, a jidderee muss kucke wéi e mat sengem Gewëssen domadder eens gëtt.

Dann huet en och gesot, datt déi ganz Thematik hei sech wéineg fir Parteipolitik eegent. Ech sinn op der ganzer Linn do mat him d'accord, ech muss awer soen dass en esou ganz der Tentative, e bëssche Parteipolitik ze maachen, net konnt auswäichen, an deem Sënn wou en e Bilan vun där Debatt vun 1999 gemaach huet, vun der Motioun déi mer deemools hei zesummen an enger Koalitioun gestëmmt hunn. An hien huet notamment gesot dass, wann een dee Beräich vun der Palliativmedezin an de Soins palliatifs kuckt, de Bilan ernüchternd an enttäuschend wär an dass et wéineg Bewegung ginn hätt.

Ganz kann ech him net Onrecht ginn, ech sinn och net zefridden, a mir alleguerten heibannen, denken ech, wäre frou wa mer am Beräich vun de Soins palliatifs méi wäit wäre wéi do wou mer haut ukomm sinn. All Efforte musse gemaach gi fir op deem dote Wee weiderzekommen. Ech wëll allerdéngs soen dass, wa mer 1999 sou Motioune gestëmmt hunn, da war et well mer deemools e Besoin agesinn hunn a well bis dohinner net ganz vill geschitt war. Ech wëll an deem Kontext hei un d'Regierungserklärung vun 1994 erënneren, wou dra stoung: „Enfin toutes les mesures thérapeutiques seront prises pour soulager les douleurs physiques et la souffrance physiologique des malades atteints d'une maladie incurable, des unités de soins palliatifs seront créées dans les hôpitaux principaux du pays."

Ech muss Iech soen, datt sech och do ënner sozialistescher Responsabilitéit - well bekanntlech war dee Ministère während deene fënnef Joer vun engem Sozialist besat - net méi beweegt huet wéi dat wat sech an deene leschten zwee Joer beweegt huet. Deementspriechend, mengen ech, sollte mer eis alleguerten, wa mer hei iwwer Soins palliatifs schwätzen, eens sinn, datt et héich Zäit gëtt fir konkret an aktiv Schrëtter ze maachen. Mä fir deem engem oder deem aneren elo Responsabilitéiten zouzeschousteren, domat sinn ech net gär d'accord, well jiddereen huet hei säi Stéck u Responsabilitéit ze droen, net nëmmen dës Koalitioun, mä och déi lescht Koalitioun an och dee leschte sozialistesche Gesondheetsminister.

Dann, Här President, wëll ech soen, den honorabelen Här Huss huet hei mengem Parteikolleeg, dem Här Santer, an engem prezise Punkt virgeworf, hien hätt sech hei relativ arrogant beholl. Ech muss soen, wann haut een op dëser Tribün mat Arroganz a mat Rechthaberei virgaangen ass, da war et de Fraktiounsspriecher vun deene Gréngen. Den Här Huss huet sech hei opgefouert wéi wann hien, an déi déi senger Meenung sinn, d'Wourecht gepacht hätten, an en huet sech op déi acharnéiert, déi eng aner Meenung an dëser Fro vertrieden. An ech muss soen, ech hu ganz wéineg Toleranz an der Approche zu deem wat den Här Huss hei vis-à-vis vun deene Kolleegen heibannen gesot huet, déi nun ebe mol net seng Meenung deelen, an dat wäert jo awer schlussendlech nach d'Recht hei sinn, fir och eng aner Meenung ze hu wéi déi déi den Här Huss huet, an ech komme gläich dorobber zréck.

Fir sou Parteipolitik an dëser Fro vun dëser Tribün aus ze maachen, ech muss soen, ech fannen dat net korrekt, ech fannen dat net anstänneg. Hien huet notamment menger Fraktioun virgeworf, aus ideologeschen a parteipolitesche Considératioune schonn 1999 an och nach haut an déi Richtung sech ze bewegen, wéi nun ebe mol eis Haltung ass. Ech muss soen, ech fannen dat e staarkt Stéck.

Ech ënnerstellen deene Gréngen, a jidder eenzelne vun hire fënnef Deputéierten, a kenger Hisiicht bei där Approche déi si zu dëser Thematik hunn, dass dat net fir hien eng wierklech intensiv Gewëssensfro ass mat där hie sech ausernee gesat huet. An déi respektéieren ech, och wann ech net domat d'accord sinn. Deementspriechend verlaangen ech awer och, datt hei deenen 19 Kolleege vu menger Fraktioun, an och aneren heibannen, hiert Gewëssen eescht geholl gëtt an hinnen net ënnerstallt gëtt, si géifen hei aus parteipolitesche Considératiounen, an enger Fro wou et ëm Liewen an Doud geet, esou Considératiounen an de Vierdergrond stellen an net hiert Gewëssen.

Dir Dammen an Dir Häre, ech muss soen, ech fannen dat ganz grave an ech wëll dat hei net fir déi 19 Kolleege vu menger Fraktioun op eis sëtze loossen an ech weisen dat op d'schäerfst zréck. Mir hunn e Gewëssen, allen 19, grad wéi och d'Membere vun där grénger Fraktioun, an deementspriechend hätt ech gären, datt dat respektéiert gëtt, sou gutt wéi mir dat respektéieren an déi Vuë respektéieren, déi déi Gréng hei vertrieden.

An da wëll ech och nach soen dass, wann hei gesot gëtt dass d'Chrëschtlech Sozial Vollekspartei respektiv eis Fraktioun, vläicht och déi vum ADR, vläicht och nach deen een oder aneren aus anere Fraktiounen, sou isoléiert hei wären, mir hei géife Meenunge vertrieden déi soss néierens ze fanne wären - ech wëll Iech emol soen, Här President, an ech wëll dat hei zitéieren, wann ech kucke wat d'Spriecherin vun deene Gréngen an Däitschland de 5. September 2002 gesot huet, ech zitéieren dat. Si huet an engem Communiqué gesot: „In den Debatten um die Sterbehilfe haben Bündnis 90/Die Grünen eine Vorreiterrolle für die von den Bischöfen geforderte Unantastbarkeit und Unverfügbarkeit menschlichen Lebens eingenommen." Dat ass eng Attitüd, déi déi däitsch Gréng ageholl hunn. Eis läit dach exactement op där. Fir eis dann als reaktionär an ech weess net wat dohinner ze stellen, dat ass dach awer e wäite Wee.

***(Interruption)***

Jo, Dir hutt och.

Här President, den Här Huss huet am Virfeld vun deenen Debatten hei scho ganz aner Saache gesot iwwert d'Attitüden, déi déi eng an déi aner an dëse Froen anhuelen. Wann ech hei déi däitsch Gréng zitéieren, wéi eng Attitüd datt déi hunn, dann hätt ech net gären dass mir als reaktionär dohinner gestallt ginn, à moins dass den Här Huss och mengt déi géife sech op engem Ofstellgleis befannen a Meenunge vertrieden, déi net ze vertriede wären.

Ech zitéieren Iech emol hei aus enger Ried déi d'Madame Christa Nickels, dat ass déi bundespolitesch Spriecherin vun deene Gréngen an Däitschland, zu dësem ganzen Themekomplex gehal huet. Lauschtert emol ganz gutt no, wat déi Fra, eng Fra vun de Gréngen aus Däitschland, zu där ganzer Thematik hei seet. Ech zitéieren dräi oder véier esou Alineaen aus enger Ried, déi se den 29. Abrëll 2001, dat sinn nach keng zwee Joer hier, bei der drëtter Mülheimer Hospiztagung gehalen huet. Ech iwwerginn dem Här Huss herno eng Kopie vun där Ried, fir datt hie sech dat emol kann zu Gemitt féieren, wat seng Parteikolleegen an eisem gréissten Nopeschland zu dëser Problematik soen.

Si seet: „Ist aktive Sterbehilfe einmal legalisiert wird über kurz oder lang in Rechtfertigungszwang geraten, wer trotz Leiden und unheilbarer Krankheit noch weiterleben will." Ech soen dat net, et ass d'Madame Christa Nickels, déi dat seet. Da soen ech Iech: „Das Leben ist der Verfügungsgewalt des Einzelnen letztlich entzogen und deshalb ist auch der Wert seines Lebens unabhängig von dem Urteil dieses Einzelnen." Dat ass dat wat d'Fro vun der Selbstbestëmmung ugeet, déi den Här Huss hei an de Vierdergrond gesat huet. Ech respektéiere seng Meenung, mä ech muss Iech soen, d'Madame Christa Nickels, déi bundespolitesch Spriecherin vun deene Gréngen an Däitschland, vertrëtt awer just 100%eg de Contraire vun deem wat den Här Huss vertrëtt.

***(Interruption)***

Ech soen dat nëmmen, Här President, net fir Wäertuerteeler doriwwer ofzeginn, mä ech soen dat fir ze soen, wann hei gesot gëtt datt déi eng oder déi aner Kolleegen heibannen an engem Eck géife sëtzen, an datt déi Meenunge géife vertrieden déi net akzeptabel wären, da wëll ech Iech einfach soen datt och Leit vun anere Borden...

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- An Däitschland ginn et zwar nach aner Grënn fir esou domat ëmzegoen.

***(Interruptions diverses)***

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Neen, neen. Déi däitsch Politik huet an deene leschte Jore vill vun deem, wat se als Ierfschaft vum leschte Krich mat eriwwer geholl huet, endlech - an dat ass och richteg - iwwerwannen an nei Positioune bezéie kënnen. Et ginn där Ursaachen, mä ech ka mer awer net virstellen, datt déi däitsch Gréng nëmme méi eng Haltung an där sensibler Fro hei anhuelen, déi determinéiert ass duerch dat wat...

***(Interruption)***

Jo, mä ëmmerhi ginn déi do Meenunge vertrueden. Ech zitéieren déi fréier däitsch Justizministerin, d'Madame Däubler-Gmelin. Déi huet misse goe wéinst enger Gaffe déi se komme gelooss huet, wat awer eng dichteg Justizministerin war. Si sot: „Ech wënsche mer Hëllef beim Stierwen. Ech wënsche mer keng Hëllef fir ze stierwen." Et ass dat och de Prinzip, Här President, dee mir hei als Fraktioun vertrieden. Déi Attitüd, déi déi däitsch SPD-Justizministerin vertrueden huet, ass exactement déi Attitüd, déi och meng Fraktioun an dëser sensibler Fro vertrëtt.

Dofir muss ech soen, wann ech kucken an et gëtt ons hei gesot, elo hunn d'Belsch an d'Hollänner légiféréiert: déi Däitsch hunn net légiféréiert, d'Fransousen hunn net légiféréiert. A Frankräich war elo ganz laang eng Koalitioun tëschent Sozialisten a Gréngen un der Muecht, an déi hunn net de Passé wéi déi Däitsch en hunn. Et ass net légiféréiert ginn. Et ass a villen anere Länner net légiféréiert ginn an a ville Länner gëtt et iwwerhaapt keng Demande fir ze légiféréieren.

Deementspriechend wär ech emol frou, wann een hei awer emol erëm op den Terrain vun de Realitéite géif zréckkommen a gesinn, dass déi Kolleegen heibannen, déi net mam Här Huss a mat deem engen oder aneren heibannen d'accord sinn, Meenungen hunn, déi ze respektéiere sinn. Dorobber halen ech. Ech hätt gäre Respekt virun eiser Meenung, esou wéi mir Respekt hu virun Ärer Meenung.

Da wëll ech just soen, an dat war d'Ursaach vu mengen Ausféierungen, datt mir eis, wann ech mer den europäesche Plang ukucken, a ganz gudder Gesellschaft mat villen anere Politiker vun alle politesche Parteie befanne bei där Positioun, déi mer ageholl hunn.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn de Mëtteg eng Debatt gehat iwwer e ganz déifgräifende mënschleche Problem, wou effectivement un de Kär vum Mënsch touchéiert gouf a besonnesch un dat Sensibelst, wat bis elo ëmmer en Tabu war, dat heescht d'Fin de vie.

Ech muss awer soen, dass hei trotz villäicht verschiddene liichten Ausschreidungen op eng flott Manéier diskutéiert ginn ass an dass jiddereen trotzdeem versicht huet Respekt ze beweisen an deem schwéieren Débat virun anescht Denkenden.

Ech muss soen dass, wa mer d'Resultater kucke vun der Commission éthique, da kann ech hir a ganz besonnesch hirem President nëmme félicitéiere fir déi excellent Aarbecht, déi se gemaach hunn. Si hate ganz vill Sitzungen. Si hunn et sech net einfach gemaach. Si hunn och all déi concernéiert Organisatioune befrot, esou datt jiddereen d'Méiglechkeet hat fir sech kënnen e Bild driwwer ze maachen.

Dat huet selbstverständlech net, Här Huss, zu enger Ännerung gefouert. Praktesch kann een éischter vu Status quo schwätze par rapport zu deem leschten Débat d'orientation vun 1999, an deem Sënn dass en fait am Konsensus éischtens emol den Accès aux soins palliatifs fir jiddereen zréckbehale ginn ass, dass jidderee muss Accès kënne kréien. Et ass scho gesot ginn, an effectivement, d'Chiffere beweisen dass de Moment en fait hei zu Lëtzebuerg nëmmen approximativ zwëschent 40 a 60% vun de Leit d'Méiglechkeet hunn dovun ze profitéieren.

Et ass zweetens och dovu geschwat ginn, dass eng Dépénalisatioun komme misst vun dem Refus oder vun der Absence vum Acharnement thérapeutique, woubäi ech awer soe muss, dass dat deelweis scho virgesinn ass, souwuel am Artikel 43 vum 98er Spidolsgesetz sou wéi am Artikel 45 vum Code de déontologie, deen zréckgeet, wann ech et richteg am Kapp hunn, op 1991.

Drëttens ass finalement am Konsensus d'Disposition de fin de vie zréckbehale ginn. Do muss ech soen, Här Huss, sinn ech net ganz Ärer Meenung. Dir sot jo, dass déi Disposition de fin de vie en fait nëmmen e Wäert hätt an deem Fall wou d'Euthanasie géif légaliséiert ginn oder respectivement dépénaliséisert géif ginn. Ech sinn do anerer Meenung, well ech si fest iwwerzeegt, dass dat awer trotzdeem eng ganz gutt Aide ass fir eis Dokteren, ze wësse wat d'Patienten en fin de vie wëllen.

Dir wësst och, dass beispillsweis am Québec bei deenen Infirmièren op der Faculté des sciences infirmières vu Laval e Sondage gemaach ginn ass. Do war et esou, dass 59% vun deene gesot hunn, dass se géife mat de Soins intensifs weiderfueren, an der Absence vun deem sougenannten Testament oder der Disposition de fin de vie, mä a Presenz vun esou engem Dokument waren nach just 31% do dergéint, dat heescht 69% waren derfir fir d'Soins palliatifs anzeféieren.

Do wou selbstverständlech d'Differenz läit a weider läit, dat ass bei der Euthanasie. Bei der Euthanasie, wou mer wéi gesot net méi d'Differenz maachen tëschent aktiv a passiv, well déi passiv Euthanasie, wéi mer et virdru genannt hunn, jo en fait enthalen ass an der Dépénalisatioun vum Acharnement thérapeutique. Ech muss soen: Ech hu Verständnis fir deen een a fir deen aneren. Jiddereen huet seng Argumenter. Jidderee mengt seng Argumenter wäre richteg.

Ech mengen et ass de Mëtteg schonn ugeklongen, dass bei engem ganz groussen Deel, wann net praktesch bei der Majoritéit oder bei bal alleguer de Fäll, hautdësdags kann eng Léisung fonnt ginn duerch d'Soins palliatifs. Et bleiwe just rare Fäll wou dat net esou ass. Dir hutt ee Fall ganz treffend genannt, dee vun deem Jong dee querschnittsgelähmt ass an dee relativ jonk ass. Dat si Beispiller, dat muss ech soen, wou...

***(Interruption)***

Gelift?

Une voix.- Dat war awer net den Här Schroell.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech hu gesot, wat den Här Huss gesot huet. Ech hat net Wélles hei eng Konfrontatioun ze maachen zwëschent all deem wat déi siwen oder aacht Riedner gesot hunn. Dat wier e wéineg komplizéiert.

Une voix.- Et wieren nëmme ganz rar Fäll, gouf gesot. Dat huet den Här Schroell awer widderluecht a senger Thees.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech hunn aner Informatiounen doriwwer. Ech weess och net, wat den Här Schroell ganz genau domadder gemengt huet.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Fuert weider, Här Minister. Loosst Iech net oflenken.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Dir wësst alleguerten, an dat ass jo de Mëtteg awer och beim Här Schroell ugeklongen, dass effectivement de Moment, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, scho vill méi gemaach gëtt wéi déi meescht Leit dat unhuelen. Mä op alle Fall sinn ech awer der Meenung, dass net vill Fäll iwwreg bleiwe wou net ka gehollef ginn. Ech zitéiere beispillsweis do keen anere wéi de sozialistesche franséische Justizminister vu viru Joren, den Här Robert Badinter, dee gesot huet, d'Liewen ass einfach eppes ze Wichteges fir et engem Gesetz unzevertrauen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- De Politiker unzevertrauen.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Et si jo normalerweis ëmmer Politiker, déi d'Gesetzer maachen.

Do gesäit een, dass déi verschidde Meenungen openee stoussen, mä nach eng Kéier, ech hu ganz vill Respekt fir déi eng a fir déi aner Argumenter.

Et kënnt awer och nach derbäi, dass et jo net nëmmen de Patient ass dee matspille muss - selbstverständlech ass de Patient au centre du débat -, mä och d'Dokteren. Dat ass de Mëtteg schonn ervirbruecht ginn. Eng grouss Majoritéit vun den Dokteren, net alleguer, hunn effectivement ganz vill Schwieregkeeten dermat. Souguer an hirem Avis hu se geschriwwen, dass d'Majoritéit vun den Dokteren d'Euthanasie géif refuséieren, souguer wann d'Majoritéit vun der Gesellschaft derfir wär. Ech mengen, et ass och fir déi Leit e Cas de conscience. Vläicht évoluéiert déi Situatioun an deenen nächste Joren.

Den Här Bodry huet verschidde Beispiller gesot, déi net alleguerte

falsch sinn. En huet gesot, dass d'Motioune vun 1999 net respektéiert gi wären. Mir haten och relativ wéineg Zäit derfir. Dir wësst, an dat ass jo en fait eng ongewéinlech Prozedur, dass d'Chamber sech selwer mat deem Débat an deenen Aarbechte saiséiert huet am Kader vun der Commission „Ethique", an op där anerer Säit wëll ech awer drop hiweisen, dass beispillsweis am Plan hospitalier vum Abrëll 2001 nei Services de soins palliatifs scho virgesi sinn. Mir hunn also och do un déi Motioun geduecht.

Et ass och gesot ginn, dass d'Loi hospitalière net géif respektéiert ginn, an deem Mooss dass net an all Spidol Comités d'éthique wären. Dat stëmmt, leider. Mir hunn der de Moment, wéi et schéngt, fënnef, sechs. Dovunner dräi déi excellent fonctionnéieren. Ech wëll awer och soen, dass do mäi Ministère scho méi wéi eng Kéier reklaméiert huet. Eng Kéier am Dezember 2001 an och nach eng Kéier am September vum leschte Joer. Et ass leider awer esou, dass an dem 1998er Spidolsgesetz d'Sanktiounen net incitativ genuch sinn, fir d'Spideeler praktesch ze forcéiere fir sech deene Moossnamen, déi am Spidolsgesetz virgesi sinn, ze beugen. Mir wäerten awer derhannert bleiwen.

Op alle Fall, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Differenzen déi bestinn, wat d'Euthanasie ubelaangt, déi wäerte weider bestoe bleiwen. Ech muss allerdéngs soen, dass mat deenen dräi Mesuren e Konsens fonnt ginn ass, wou d'Regierung wäert chargéiert gi fir e Projet de loi auszeschaffen, an dass dat awer trotzdeem a mengen Ae schonn e ganz grousse Progrès ass par rapport zu deem wat an der Vergaangenheet war. Ech gleewen net dass, souguer nodeem dat Gesetz gestëmmt ass, definitiv d'Gespréich Euthanasie aus der Welt geschafen ass. Ech si fest iwwerzeegt dass déi Gespréicher weiderginn.

Mir kënnen eis duerno ouni Zweifel da baséieren op déi Erfahrungen, déi mer an der Zwëschenzäit scho mat deem neie Gesetz gemaach hunn. Mir kënnen eis och baséieren op Erkennungserfahrungen, déi souwuel an der Belsch wéi och an Holland gemaach si ginn. Dat wäert, ouni Zweifel, deem engen oder deem aneren hëllefe seng Meenung vläicht ze revidéieren oder sech eng nei Meenung ze forgéieren. Loosse mer dee Moment weider kucken.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen an iwwer eng Resolutioun.

***Motions et Résolution***

Mir kommen zur Motioun 1. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President. Ech géif gären e Wuert zu där Motioun soen, déi u sech erstaunt, well se e bësse méi ausgedehnt eigentlech dat erëmgëtt, wat schonn an enger Motioun am Mäerz 1999 eestëmmeg vun der Chamber gesot ginn ass. Dat beweist, dass net ganz vill an deem Domän geschitt ass, well soss bräicht een net nach eng Kéier véier Joer méi spéit - an net zwee Joer méi spéit, mä véier Joer méi spéit - datselwecht ze froen.

***(Interruption)***

D'CSV war an all deene Regierungen derbäi.

***(Interruption)***

Wa mer vu Responsabilitéite schwätzen, Här Weiler, do ass d'CSV ëmmer dobäi.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Jo, jo, jo.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- D'accord. Dat ännert sech vläicht nach eng Kéier, mä déi lescht 25 Joer war dat esou.

Une voix.- Also, Här Glesener, Dir sidd jo souwisou menger Meenung, spéitens zënter gëschter.

M. le Président.- Här Bodry, schwätzt weider, déi aner sollen nolauschteren.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Wat nei ass par rapport zu 1999, dat ass eng interessant Iddi. Et geet hei ëm d'Frais de formation vun den éieramtleche Mataarbechter am Beräich vun der Stierfbegleedung. Do si mer mat d'accord, mä awer net d'accord fir et ze préiwen, mä mir sinn der Meenung, et soll een et direkt aféieren. Mir proposéieren hei Neel mat Käpp ze maachen a wierklech weider ze kommen an an déi Motioun ze iwwerhuelen: „à introduire la prise en charge des frais de formation". Dat ass dat, wat mer proposéieren: Net op der Plaz trëppelen, net studéieren, mä weiderkommen an deem doten Dossier.

De leschten Abschnëtt, soen ech ganz éierlech, fannen ech e bësse peinlech. Wann een d'Regierung muss opfuerderen dass se soll dofir suergen, dass d'Gesetzer solle respektéiert ginn. Ech mengen deen doten Zousaz wier iwwerflëssig.

M. le Président.- D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert gefrot.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Här President, ech wëll just soen, fir déi Kolleeginnen a Kolleegen heibannen déi vläicht net doriwwer informéiert sinn, dass déi Formatioun vun de Bénévolen, déi zënter laange Jore scho gemaach gëtt, selbstverständlech vum Stat bezuelt gëtt a gratis ass fir déi Leit déi deelhuelen.

***(Interruptions)***

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Madame Minister, ech froe mech firwat dass d'CSV an d'DP esou eng geckeg Motioun hei presentéieren.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- «Examiner la possibilité».

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu bis elo nach keng geckeg Motioun gesinn. Ech hunn entweder eng Motioun gesinn, déi eppes ausgesot huet an d'Regierung opfuerdert eppes ze ënnerhuelen. Ech ka mech net identifizéiere mat deem, wat den Här Bodry elo gesot huet.

Wann en Deel, awer aneschters gedréint, vun där Motioun, déi 1999 à l'unanimité ugeholl ginn ass, sech och heiranner widderspigelt, dann ass dat eng Selbstverständlechkeet, well ee sech jo kéint virstellen, vu dass jo d'sozialistesch Fraktioun 1999 se gestëmmt huet, een hei hätt kënnen eng grouss Unanimitéit kréie mat hinnen zesummen.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech hunn net gesot, ech géif se net stëmmen. Dir musst nolauschteren.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Dir hutt awer och net gesot, dass Der se géift stëmmen.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech hu konkret Propose gemaach.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Vu dass Dir ëmmer schwätzt wéi en Orakel, muss ee sech d'Halschent dobäi denken.

***(Hilarité)***

An dat zweet ass, dass mer jo dorobber halen, dass mer eng Rei vu Mesuren, déi elo nach net geholl si ginn an déi si och an deene fënnef Joer net gemaach hu wat d'Soins palliatifs ubelaangt, wollten an eng Gesamtmotioun eranhuelen. An ech gesinn net an, dass mer och nëmmen dee klengste Jota un dëser Motioun sollen änneren. A wa mer soen: „à veiller à l'application des dispositions", dann ass dat kee Reproche un d'Regierung, sondern virdrun ass gesot ginn, dass se an de Spideeler selwer autonom si fir dat doten ze maachen an dass mer hei just soen, de Minister oder d'Regierung soll kucken dass dat an de Spideeler gemaach gëtt. Et ass also keng Kritik un der Regierung. Et ass eng ganz normal Opfuerderung, fir dass d'Applikatioun vun deem Gesetz, wat existéiert, gemaach gëtt.

Wann awer elo d'Madame Jacobs seet, a si muss et jo wëssen, dass dat dote scho gemaach gëtt, da gesinn ech och kee Problem. Awer dann nëmme wann den Här Bodry mer seet, si géingen d'Motioun och stëmmen.

***(Hilarité)***

Da gesinn ech kee Problem, dass mer deen Tiret dann ewechhuelen, deen hien elo stéiert. Dat heescht also, mir si beduecht de Konsens ze kréien a mir wëllen dee Moment hinnen entgéint kommen, fir et dann esou ze maachen. Wa mer dann eng schéi grouss a large Majoritéit kréien, da si mer bereet deen Tiret ewech ze huelen. Dat heescht, wann Der eis nach eng Kéier genau sot wéi et ass, „à introduire la prise en charge des frais de formation" oder ewechloossen? Wéi hätt der et gär?

M. le Président.- Den Här Bodry freet d'Wuert, an dann den Här Weiler.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech mengen, Här President, hei geet et net wéi mir et gären hätten. Mir sinn der Meenung, dass déi Prise en charge soll stattfannen, dass se net soll studéiert ginn. D'Majoritéitsparteien hunn en Text erabruecht wou se proposéieren eppes ze studéiere wat et anscheinend scho gëtt. Formidabel!

Dofir sinn ech der Meenung, dass mer entweder dat dote solle ganz ewechloossen oder awer schreiwen, „à garantir la prise en charge des frais", an esou virun an esou weider, dat heescht dass dat weider bestoe bleift, dass och an Zukunft garantéiert bleift, dass déi Prise en charge vun deene Formatioune geschitt. Dat ass déi konkretste Propos, déi ech hei maachen. Dat geet méi wäit wéi dat wat CSV an DP wollte proposéieren. Fir de Rescht soen ech ganz éierlech: Wann d'Koalitioun wëllt hir eege Regierung opfuerderen dofir ze suergen dass d'Gesetzer respektéiert ginn, da ka se dat roueg maachen. Dat stéiert mech net. Ech fannen et just traureg, dass dat esou ass, well dat Gesetz, wat soll hei respektéiert ginn, ass Enn 1998 geholl ginn.

M. le Président.- Den Här Weiler huet d'Wuert gefrot.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, ech si mam Här Bodry d'accord fir deen zweetleschten Alinéa ze sträichen, wann dat esou ass, Madame Jacobs, an ech zweifelen net drun, dass dat schonn de Moment geschitt. Den Här Bodry huet hei gesot, firwat schreift der dann esou eng geckeg Motioun, wann et dat scho gëtt. Ech muss soen, wa mer dat doten dra geschriwwen hunn, dann ass et well mir net wossten, dass déi Prise en charge...

***(Interruptions diverses)***

Mä ech stellen awer fest, dass den Här Bodry et och net wosst, well en huet proposéiert „à introduire", mir sollen net méi studéieren, mä mir sollen et maachen. Or, wann et awer gemaach ass, also Här Bodry, dann hutt Dir grad esou geckeg derniewent geleeë wéi mir doniewent geleeën hunn. Deementspriechend, Här President, sträiche mer deen Alinéa an dann ass et fäerdeg.

M. le Président.- Den Här Huss freet och nach d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wëll profitéiere fir da ganz schnell zu deenen dräi Motiounen eis Meenung ze soen. D'Motioun 3, d'Dépénalisatioun vum Acharnement thérapeutique: Et ass kloer datt mer déi kënne stëmmen. Do ass kee Problem. Dat ass guer näischt Neits.

D'Motioun 1 an hirer amendéierter Versioun, wann ech se elo richteg verstanen hunn, si mer och bereet matzestëmmen, obschonn et jo strictement näischt Neits ass. Dat hate mer schonn 1999, mer haten et schonn 1996. Et stong schon an der Regierungserklärung vun 1994, mä mir si selbstverständlech bereet et dann och nach eng Kéier ze soen, dass mer fir d'Entwécklung vun der Palliativmedezin, fir d'Formatioun vum Personal an esou viru sinn. Da soe mer dat elo fir d'fënneft, an ech hoffen dass et dann endlech emol eng Kéier seriö gemaach gëtt, no zéng Joer.

Déi aner Motioun geet iwwert den Testament de vie. Do sinn ech natierlech mam Här Gesondheetsminister sengen Aussoen net d'accord, dee gesot huet, dass d'Euthanasie net misst legaliséiert ginn, fir datt u sech en Testament de vie e Wäert huet, an hien huet do e wéineg déi Etüd vum Québec iwwert d'Infirmieren an d'Fleegepersonal zitéiert. Eis geet et an der Fro vun engem Testament de vie ëm de Wëllen, net eleng vum Dokter a vun den Infirmieren, mä virun allem an an alleréischter Linn ëm de selwer ausgedréckte Wonsch vu Patienten. Et geet mir ëm e Recht vun de Patienten. An dofir sinn ech der Meenung, engersäits, dass en Testament de vie natierlech noutwendeg ass, mä dat jo nëmmen dann e Sënn huet aus der Vue vum Patient, wann deen eng Chance huet, datt säi Recht natierlech och dann herno erfëllt gëtt, an do geet eis eppes Indikatives net duer. Mir hätte gären eppes wat méi contraignant ass. Wann net den Dokter selwer, datt dann en aneren dem Patient sengem Recht nokënnt.

Dat ass eis Meenung, wéi et misst sinn, mä well mer dann hei ëmmerhin erëm eng Kéier eppes soen, datt iwwerhaapt emol en Testament de vie juristesch soll unerkannt ginn, si mer natierlech bereet och dofir ze stëmmen, obscho mer jo 1999 schonn eng Kéier eng Resolutioun hei haten, déi mat Mehrheet gestëmmt ginn ass, déi dat do gefuerdert huet. Elo si véier Joer hier, et ass nach ëmmer net geschitt, mä da fuerdere mer eben nach eng Kéier no véier Joer, dass en Testament de vie soll gemaach ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn amgaange mech zënter 13 Joer elo domadder ze beschäftegen. Ech hat, wéi gesot, schonn 1994 fir d'éischt eng Demande hei gemaach, fir kënnen doriwwer ze schwätzen. Ech hunn 1996 schonn driwwer geschwat. Mir hunn 1996 déiselwecht Saache gesot. Mir hunn 1999 déiselwecht Saache gesot, a mir soen dann haut erëm eng Kéier déiselwecht Saachen, ouni e Millimeter an der fundamentaler Fro vun der Dépénalisatioun vun der Euthanasie virunzekommen. Ech fannen dat traureg.

Merci.

M. le Président.- Sou, den Här Bodry freet nach eng Kéier d'Wuert, an da stëmme mer awer of.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Och wa mer amgaange sinn déi aner Motiounen ze diskutéieren, wollt ech folgendes dozou soen. D'Motioun 2 ass net grad dat, wat mer 1999 hei an der Chamber als Resolutioun mat knapper Majoritéit, Dank notamment dem Jo vum heitege Gesondheetsminister, gestëmmt haten am Testament de vie. Wat hei feelt, wou ech awer gemengt hunn, mir hätten den Accord an der Kommissioun wéinegstens op deem Punkt gehat, dat war en Deel vun der Resolutioun vun 1999, dass och soll eng Structure centralisée geschafe gi wou déi Testamenter kënnten hannerluecht ginn.

Ech hat gemengt, Dir Dammen an Häre Membere vun der Kommissioun, dat wär ëmmer en Accord gewiescht bei eis an der Ethikskommissioun. Dat war, wéi gesot, e Bestanddeel vun där Resolutioun vun 1999. Deemools war dra geschriwwen, et soll ee se bei der Direction de la Santé uglidderen. Dat kënnt een och beim Enregistrement maachen, well déi och déi aner Testamenter do hunn. Ech géif dat opstoe loossen. Mä ech mengen awer dass et wichteg ass, dass een esou eng Plaz huet, well oft de Problem ass bei deene Leit déi betraff sinn: Wiem ginn ech mäin Testament biologique? Dofir soen ech, soll ee schonn d'Méiglechkeet schafen, net fir et eng Obligatioun do ze maachen, mä d'Méiglechkeet schafe fir et kënne bei enger Zentralstell ze deponéieren.

Dofir géif ech proposéiere bei der Motioun 2 en Zousaz ze maachen am Dispositif an ze schreiwen: „à créer une structure centralisée d'enregistrement de ces documents". Mir loossen also opstoen, wou dat soll sinn. Dat kann d'Regierung da kucken.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech den Här Bodry elo héieren hunn an ech liesen déi Resolutioun, an dat muss ech och dem Här Huss soen, déi de 16. März 1999 iwwer en Testament de vie ugeholl ginn ass, à l'unanimité oder mat enger Majoritéit, do steet awer just nëmmen dat hei dran: „s'exprime en faveur de l'introduction dans notre législation du testament de vie, testament individualisé assurant le respect de la volonté du bénéficiaire de soins concernant sa fin de vie." Do steet näischt vun där Struktur dran, vun där den Här Bodry elo geschwat huet.

***(Interruptions)***

Ech hunn dat hei aus aus deem, wat an dem Analytesche stoung, de 16. März, déi 32. Séance, déi déposéiert ginn ass vun der Madame Kuffer. Bon, ech kann nëmmen dat liese wat schwaarz op wäiss hei op deem Pabeier steet, à moins…

***(Interruptions diverses)***

Et ass effektiv richteg, dass mer an der Kommissioun doriwwer diskutéiert hunn, wéi dat Testament soll enregistréiert ginn a wou et soll déposéiert ginn. Déi eng waren der Meenung, dass een den Dépôt kënnt bei engem Notaire maachen, fir d'Authenticitéit vun deem Dokument ze garantéieren. Anerer waren der Meenung, dass ee kënnt am Ministère de la Santé den Dépôt maachen, wat bestëmmt och net einfach gëtt.

Dat heescht, well mer also kee Konsens haten iwwert déi genau Struktur, déi soll geschafe ginn, wollte mer dat opstoe loossen an et der Regierung iwwerloossen, fir ze kucke wat dat Bescht ass.

Mä wann dat, wat den Här Bodry elo proposéiert, net den Dépôt bei engem Notaire ausschléisst, dann hunn ech näischt dergéint. Also, et ass selbstverständlech dass mer gären hätten, dass et soll déposéiert ginn anzwousch an dass et e Caractère d'authenticité kritt. Et kënnt souguer och um Enregistrement déposéiert ginn, am Ministère de la Santé, oder wéi och ëmmer. Wann den Här Bodry dat nach eng Kéier répétéiert. Ech hu kee Problem, fir deen Zousaz mat eran ze huelen, ënner Konditioun dass et den Dépôt beim Notaire net préjudiciéiert.

M. le Président.- Jo, Här Bodry?

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, ech gi gären drop an. Ech wëll awer nach eppes hei richteg stellen an zitéieren elo dem Här Rippinger säin eegene Rapport am Numm vun der Commission spéciale d'éthique, wou hien am éischten Deel zitéiert, wat fir eng Resolutioun…

***(Interruptions)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Jo, dat ass déi amendéiert Versioun. Dir hutt nëmmen déi hei déposéiert, déi aner ass amendéiert ginn, dat ass richteg.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- …, wat fir eng Motioun de 17 Mäerz 1999 vun der Chamber ugeholl ginn ass. Ech zitéieren hien elo selwer aus sengem eegene Rapport…

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Jo, dat steet do dran.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- …vum Februar 2003. Den éischten Deel ass „Testament de vie", den zweeten Deel ass „de l'introduction d'après le modèle danois d'un système officiel…

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Dat wëlle mer net.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- …d'enregistrement systématique des testaments de vie auprès de la Direction de la Santé publique", méi wëll ech dozou net maachen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ma ja.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Also dat ass deen Text, deen de 17. Mäerz 1999 ugeholl ginn ass, an net deen, dee virdru vum Här Rippinger zitéiert ginn ass. Dat gesot, mengen ech, dass mat mengem Zousaz déi Fro vum Notaire opbleift, wann een dobäi schreift: „à créer une structure d'enregistrement de ces documents". Mir loossen et dann opstoe wat fir eng Form dass dat ass a mir loossen och opstoe wou dat soll ugesidelt ginn. Mä de Prinzip, dass een awer eng Zentralstell schaaft wou ee kann nofroen, dat schéngt mer awer wesentlech ze sinn.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- Mir stëmmen also of iwwert d'Motioun Nummer 1.

***Motion 1 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les discussions ayant eu lieu au sein de la Commission spéciale d'Ethique en vue du débat d'orientation sur la médecine palliative, l'acharnement thérapeutique et l'euthanasie;*

*- considérant l'article 37 de la loi du 28 août 1998 stipulant que chaque patient a accès aux soins préventifs, curatifs et palliatifs que demande son état de santé;*

*- considérant que l'acceptation de soins palliatifs et l'accompagnement du malade en fin de vie ont connu, au cours des dernières années, une évolution certaine au Luxembourg;*

*- considérant cependant qu'il existe actuellement encore des déficiences d'infrastructure en médecine palliative et des insuffisances concernant l'organisation et le financement des soins palliatifs dans les milieux hospitaliers;*

*- estimant que chaque malade en fin de vie a le droit de bénéficier d'une prise en charge psychologique et médico-sociale adaptée et continue;*

*- estimant que pour atteindre ce but il est indispensable que tous les intervenants dans l'administration des soins palliatifs, médecins, infirmiers, personnel soignant ainsi que les bénévoles, bénéficient d'une formation adéquate et continue;*

*invite le Gouvernement*

*- à créer le cadre juridique pour que le recours aux soins palliatifs et le traitement de la douleur soient reconnus comme un droit de chaque patient;*

*- à prendre les mesures nécessaires et à mettre en œuvre un programme national en matière de soins palliatifs en tenant compte des besoins des patients en fin de vie et l'encadrant soit en milieu hospitalier, soit en milieu ambulatoire, et à explorer les voies possibles de financement de ce programme national;*

*- à prendre des initiatives en vue d'assurer la formation adéquate et continue incluant un suivi psychologique des médecins et du personnel soignant, d'inclure dans ces initiatives la formation des médecins en traitement de la douleur et d'envisager l'introduction d'une formation en soins palliatifs dans la formation initiale du personnel soignant;*

*- à veiller à l'application des dispositions inscrites dans la loi du 28 août sur les établissements hospitaliers, spécialement de l'article 24 sur la création d'un comité d'éthique hospitalier.*

*(s.) Jean-Paul Rippinger, Gast Gibéryen, Marie-Josée Meyers-Frank, Marco Schroell, Lucien Weiler.*

***Vote***

Wien dofir ass, deen ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, d'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Da komme mer zur Motioun Nummer 2 déi virläit an déi och explizéiert ginn ass.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Déi amendéiert!

Plusieurs voix.- Déi amendéiert!

***Motion 2 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la loi du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers consacre le principe des droits et des devoirs des malades et accorde une grande importance au principe de l'autodétermination du patient tout en consolidant son droit de décision;*

*- considérant que les situations de fin de vie, où le malade est dans l'incapacité d'exprimer sa volonté, sont fréquentes;*

*- estimant utile et nécessaire de prévoir des procédures permettant à toute personne malade de faire connaître, valoir et respecter sa volonté;*

*- convaincue donc de la nécessité de créer un cadre garantissant l'autonomie du patient et de son consentement éclairé;*

*- estimant qu'un document tel un „testament de vie" représente un moyen précieux pour une personne en fin de vie d'exprimer ses dernières volontés;*

*invite le Gouvernement*

*- à introduire dans notre léglislation le „testament de vie", consistant dans un document contenant les dispositions de fin de vie de son auteur, par lesquelles celui-ci exprime sa volonté concernant les circonstances de sa fin de vie, et qui guident le médecin dans ses choix de traitement;*

*- à créer une structure d'enregistrement de ces documents.*

*(s.) Jean-Paul Rippinger, Gast Gibéryen, Marie-Josée Meyers-Frank, Marco Schroell, Lucien Weiler.*

M. le Président.- Mir stëmmen also iwwert déi amendéiert Motioun Nummer 2 of.

***Vote***

Wien dofir ass, deen ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, d'Motioun ass och eestëmmeg ugeholl.

Den Här Bodry freet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech wollt nach e Wuert zu der drëtter Motioun soen. Déi bréngt awer méi Schwieregkeete mat sech, muss ech ganz éierlech soen, an den Här Huss geet liicht doriwwer ewech.

Hei ass eigentlech eng nei Motioun déi era kënnt, déi 1999 eigentlech net diskutéiert ginn ass, an déi schwätzt vun der Dépénalisatioun vun der Abstention thérapeutique. Ech hunn éierlech gesot nach keng Definitioun fonnt vun der Abstention thérapeutique a wéi ech an der Kommissioun an der leschter Sëtzung d'Fro gestallt hunn, wat dann ënnert der Abstention thérapeutique ze verstoe war, do ass mer och keng Äntwert gi ginn. An ech mengen och haut hu mer an deenen Debatte keng Äntwert kritt, wat dat dann heescht. Ob notamment do dee Fall och couvréiert ass, deen ech zitéiert hunn an deen, dat wësse vill Leit, relativ heefeg virkënnt am Endstadium vun enger ganz schwéierer Krankheet, besonnesch bei de Kriibskranken, dass effektiv, doduercher dass d'Schmerzmëttelen an der Dosis erop gesat ginn, dat zu engem fréizäitegen Doud vum Patient féiert, d'Liewen also verkierzt.

Dat ass fir mech awer iwwregens ganz kloer keng Abstention thérapeutique. Dat ass een Acte deen ee setzt. Et ass also eppes wat net ofgedeckt ass iwwert dat wat hei vun der Koalitioun erabruecht ginn ass. Ech mengen awer, dass dat misst gesetzlech fir den Dokter ofgeséchert sinn, an dofir kënne mir net mat där heiter Formulatioun d'accord sinn, well ech eigentlech net genau weess wat drënner ze verstoen ass, an ech fäerten d'Regierung wäert och all Schwieregkeete kréien, dat doten an eng Gesetzesform ze bréngen. Duerfir wäerte mir eis bei där heiter Motioun enthalen.

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, mir hu jo e bëssen eng Diskussioun gehat iwwert d'Fro vun der Terminologie „Abstention thérapeutique" a „Refus vum Acharnement thérapeutique". Mir hu versicht hei an där Motioun am zweetleschten Alinéa awer eng Definitioun ze ginn, wat dass mir hei menge mat deem Terme deen den Här Bodry elo just kritiséiert huet, respektiv wou e seet, et gesäit een net richteg wat sech hannert där Terminologie do verstoppt.

Mir soen an deem Considérant, datt d'Abstention thérapeutique doranner géif bestoen, „en la renonciation à tout acte médical dépourvu d'effet curatif n'ayant plus comme but que de prolonger artificiellement la vie d'une personne sans pouvoir remédier à un mal incurable".

Ech weess, wann et hei ëm Definitioune geet, dat ass ganz sensibel an et riskéiert een och nëmme partiellement d'Thematik ze recouvréieren. Mä ech denken awer, dass d'Regierung awer weess wat datt mer hei, wa mer déi Motioun hei stëmmen, mat där Abstention thérapeutique mengen a wat a mengen Ae pratiktesch datselwecht muss sinn, wéi de Refus vum Acharnement thérapeutique, an deementspriechend mengen ech wier keng Schwieregkeet fir déi hei ze stëmmen.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger freet nach d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech wollt just nëmmen deem bäifügen, Här President, dass mer dat do - dat steet jo och hei dran - aus dem Avis vun der Association des Médecins et Médecins dentistes vum 18. Juni 2002 eraus geholl hunn an d'Dokteren hunn dat also selwer an hirer Konklusioun proposéiert. Wann d'Dokteren also net wéisste wat dat dote wier, da wär et mer Leed do drëm, an ech mer awer virstellen dass, wann dat heiten ausgeschafft gëtt an niewent där Definitioun, déi mir elo hei ginn hunn, déi eng offiziell Definitioun vun der Abstention thréapeutique ass, da weess all Dokter wat dat doten ass. An an dem Gesetzestext, dee mer dann herno dorauser maache wäerten, gi jo ganz bestëmmt Doktere mat erugezunn, déi eis da genau d'juristesch Terminologie matdeele wäerten, sou wéi si dat an hirem Avis gemengt hunn, an dofir hu mer d'Référence op den Avis vun den Dokteren extra mat an den Dispositif era geholl.

***Motion 3***

M. le Président.- Sou, mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun Nummer 3. Et ass ee Vote électronique verlaangt.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass ugeholl mat 41 Jo-Stëmmen an 18 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

An da wieren d'Motioune fäerdeg a mir kéimen elo un d'Resolutioun, déi agereecht ginn ass vum Här Huss. Ech menge si ass explizéiert ginn an Dir hutt se schrëftlech virleien. Kënne mer also direkt driwwer ofstëmmen? Ass ee Vote électronique verlaangt?

Une voix.- Jo.

M. le Président.- Ah, den Här Jean-Paul Rippinger freet d'Wuert nach, ier mer ufänken.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, an där Resolutioun hei sti mol am Dispositif dräi Tireten, déi elo sans objet sinn, well mer iwwert d'Médecine palliative an iwwert d'Initiativen, déi vun der Regierung solle geholl ginn, elo schonn ofgestëmmt hunn. Mir missten also emol fir d'alleréischt déi dräi Tireten, déi elo superflu a sans objet sinn, eraushuelen.

Mä ech mengen dat ass jo net den Objet vun der Motioun oder der Resolutioun vun der Grénger Fraktioun, sondern wat hir Intentioun ass, dat ass datt se mengen et misst hei Faarf bekannt ginn iwwert dee leschten Tiret « en faveur d'une dépénalisation de l'euthanasie volontaire, éventuellement par le biais d'une excuse ou d'une justification légale ».

Mir hunn an der Kommissioun laang doriwwer diskutéiert a mir hunn eis majoritairement zesumme fonnt fir eng Dépénalisatioun ze kréie vun der Abstention thérapeutique. Déi Froen, an dee Froekatalog, deen ech als President vun der Kommissioun de Memberen iwwerreecht hunn, an zu deem e soll Stellung huelen, ass an der Questioun 2 ganz kloer gesot, „la commission spéciale éthique se prononce-t-elle en faveur d'une modification du code pénal dans le sens d'une dépénalisation sous condition précise de l'euthanasie volontaire en s'inspirant dans ce sens de la logique des dispositions de la loi du 15 novembre 1978, relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement…", bref, et sinn d'Artikelen 348 bis 353-1 vum Code pénal.

Dat heescht also, et war awer eppes liicht aneschters wéi déi Fro, wéi mir se iwwert d'Dépénalisatioun gestallt hunn, wéi wéi se hei elo an dëser Resolutioun steet. Ech wëll awer net dass hei soll d'Meenung opkommen, mir als Demokratesch Partei oder als Fraktioun wëllten eis dérobéieren, ënnert iergendwéi Pretexter vu Recevabilitéit oder wéi och ëmmer, fir net iwwert déi Motioun hei oder déi Resolutioun hei ofzestëmmen.

Dir wësst ganz genau dass mer ëmmer gesot hunn, dass et e Problème de conscience ass. Dat heescht, d'Affär vun der Euthanasie active oder volontaire ass e Problème de conscience, net nëmme vun all eenzelne Mënsch dobaussen, mä awer och vun all eenzelnen Deputéierten heibannen, an dass mer der Meenung sinn dass jidderee no sengem fräie Gewëssen iwwert déi Dépénalisatioun vun der Euthanasie volontaire soll ofstëmmen.

Ech géif Iech also bieden, den Text liicht ze änneren an e folgendermoossen ze libelléieren: „La chambre se prononce…" an esou virun „en faveur d'une dépénalisation de l'euthanasie volontaire sous certaines conditions précises, éventuellement par le biais…", a vu dass am Chapiter am Code pénal d'Justification légale virun der Excuse steet, géif ech da schreiwen, „…d'une justification légale ou d'une excuse".

Dat heescht also, dass mer iwwert deen Text hei géifen ofstëmmen. An ech muss Iech soen, dass a menger Fraktioun zu deem Text hei ofgestëmmt gëtt, bien entendu dérobéiere mir eis net an all eenzelnen Deputéierte vun der demokratescher Fraktioun kann hei no sengem Gewëssen ofstëmmen. Et ass kee Votenzwang, et ass also hei keen Zwang sech zu deem engen oder zu deem aneren ze bekennen an dann zesummen ofzestëmmen, sondern all eenzelnen Deputéierte vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei kann also no sengem fräie Gewëssen zu deem Text - wann Dir d'accord sidd fir en esou ze libelléieren - fräi ofstëmmen.

An ech mengen, da sti mir ganz genau ëmmer an där Optik vun deem wat mer gesot hunn. Et ass eng Affär vu Gewëssen, et ass net eng Affär vun der Politik, et ass och keng Affär vu Fraktiounszwang, sondern hei geet et ëm den eenzelnen Deputéierten an ëm säi Gewëssen.

Ech wëll Iech awer och nach dat heite soen: A supposer mir kréichen eng Majoritéit fir dësen Text, da wëll ech Iech awer elo scho soen, dass d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dem Accord de coalition steet an zu deene Motiounen, déi se virdrun ugeholl huet.

Dat heescht, sollt se eng Majoritéit kréien, da kënnt Der herno net kommen an zu eis soen: Do waart Der fir d'Dépénalisatioun an elo sidd Der awer dofir en Text ze stëmme fir d'Dépénalisatioun vun der Absence thérapeutique. Dat heescht, mir wëssen also ganz genau wat mer hei maachen, a wann den Här Huss d'accord ass fir den Text esou ze maachen, da bieden ech den Här President drëm esou iwwert déi Resolutioun ofstëmmen ze loossen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass esou dass mir vun Ufank u gesot hunn, an ech mengen och d'Madame Err an den Här Bodry hunn dat gesot, dass kee vun eis eleng d'Patentrecht hätt iwwert déi richteg Form wéi et zu enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie komme kéint, mä dass et ëm de Prinzip geet.

Op jidde Fall ass et fir eis vun der grénger Fraktioun esou, dass mir mat där proposéierter Veränneru vum Här Rippinger absolut liewe kënnen, well et eis net ëm Rechthaberei geet. Mir sinn d'accord deen Amendement vum Här Rippinger wuertgenau esou unzehuele wéi hien dat hei gesot huet. Ech ginn dovun aus, den Här Bodry kann dat herno nach selwer soen, dass si och domadder d'accord sinn. Eis geet et net ëm Rechthaberei. Mir hätte gären, dass hei d'Chamber sech soll prononcéieren, datt jiddfer Deputéierten en âme et conscience sech soll kënnen doriwwer ausdrécken.

Ech sinn och mat de Konklusiounen d'accord, déi den Här Rippinger gezunn huet, dass, wann dat elo hei geschitt, dat net muss bedeiten dass een dann eng Polemik géif féieren, firwat d'DP dann net mat der CSV dat elo géif maachen, well mer jo ganz genau wëssen dass et am Accord gouvernemental stoung, dass et net géif gemaach ginn. Ech mengen et geet hei just drëm, dass d'Chamber sech soll prononcéieren iwwer esou eng vital Fro wéi déi heiten, onofhängeg vu Regierungserklärungen, onofhängeg vu Koalitiouns- a Fraktiounszwäng, wierklech en âme et conscience soll d'Chamber hei ofstëmmen. Mir sinn also ganz d'accord mat deem proposéierten Text vum Här Rippinger.

M. le Président.- Den Här Gast Gibéryen huet nach d'Wuert gefrot.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President, ech wëll just vun eiser Säit deklaréieren, dass et selbstverständlech alleguer eise Membere vun der Fraktioun fräisteet hei bei dëser Resolutioun esou ze wiele wéi si et vis-à-vis vun hirem Gewësse veräntwerte kënnen.

Une voix.- Esou wéi et souwisou an der Constitutioun steet.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass an der Regel ëmmer esou, mä hei ass et speziell esou. Ech wëll et och duerfir soen, well ee vun eise Membere vun der Fraktioun net hei ass, de Fernand Greisen, an duerfir och kee vun eis iwwer Procuratioun a sengem Numm hei mat ofstëmmt.

M. le Président.- Den Här Alex Bodry freet d'Wuert.

***(Interruption)***

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Als Co-auteur vun deem heiten Text wëll ech soen, dass ech mat d'accord si fir dat esou ëmzeänneren, also déi dräi Tirete virdrun opgrond vun deene Voten, déi mer elo grad haten, dann zréckzehuelen aus där Resolutioun - Et ass eng Resolutioun! - an an deem leschten Tiret bäizefügen „sous certaines conditions", wat souwisou selbstverständlech ass. Et ass mir och egal, ob mer eng « Excuse » oder eng « Justification » vir schreiwen.

Et geet hei drëm, dass mer eis als Chamber eng Meenung maachen an dass mer net ëmmer niewentenee Propositiounen hunn, mä dass mer endlech eng majoritär Positioun an dëser Chamber zu där doter Fro kréien. Ech géif mer wënsche mir kéinte se nach an dëser Period ëmsetzen. Wann dat net méiglech ass, wou et jo eng Rei vu Contraintë ginn, da muss een dat direkt no deenen nächste Wahle maachen. Da muss déi Meenung hei kënnen ëmgesat ginn, wou ech mengen dass se eng Majoritéit kritt, zumools well ech weess dass déi demokratesch Fraktioun am Ufank, an der Rentrée parlementaire - den Här Rippinger huet dat hei deklaréiert -, mat grousser Majoritéit sech dofir ausgeschwat hat, fir den Dokter ofzesécheren an eng aktiv Euthanasie ze dépénaliséieren, esou dass ech mengen dass d'Resultat vun dëser Ofstëmmung eigentlech misst kloer sinn.

M. le Président.- Mir stëmmen also of iwwert déi virleiend Resolutioun, déi amendéiert ass. Déi dräi éischt Tireten ginn also gestrach.

***Résolution 1 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la reconnaissance universelle du droit de chaque être humain à une mort digne et humaine;*

*- considérant que l'appréciation de ce qui est digne et humain ne peut qu'être subjective et intimement personnelle et qu'une société pluraliste et démocratique se doit de respecter ces conceptions souvent divergentes;*

*- réitérant sa revendication concernant le développement de l'offre en matière de soins palliatifs et de traitements anti-douleur;*

*- considérant la reconnaissance scientifique des limites de la médecine palliative pour certaines maladies et certains malades;*

*- considérant le droit à l'autodétermination de chacun et chacune quand il s'agit des circonstances et conditions de sa propre fin de vie;*

*se prononce*

*- en faveur d'une dépénalisation de l'euthanasie volontaire sous certaines conditions, éventuellement par le biais d'une justification légale ou d'une excuse.*

*(s.) Jean Huss, François Bausch, Alex Bodry, Lydie Err, Jeannot Krecké.*

D'Ofstëmme fänkt un.

***Vote***

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Resolutioun ass ofgelehnt mat 28 Nee-, 27 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Emile Calmes, Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepp;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, M. Niki Bettendorf, Mmes Agny Durdu, Maggy Nagel et M. Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Aly Jaerling et Robert Mehlen.*

*S'est abstenu: M. Jos Scheuer.*

Domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Moien um néng Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.33 heures)***

---

**JEUDI, 13 MARS 2003** **37E SÉANCE** **Présidence: M. Jean Spautz, Président**

## Ordre du jour

1. Communications
2. 4781 - Projet de loi concernant la protection des consommateurs en matière de contrats à distance et abrogeant l'article 7 de la loi modifiée du 25 août 1983 relative à la protection juridique du consommateur

   *(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
3. 4789 - Projet de loi portant approbation - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Corée relatif au transport aérien, signé à Luxembourg, le 27 septembre 2000; - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'Inde relatif au transport aérien, signé à New Delhi, le 8 janvier 2001

   *(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
4. 4833 - Projet de loi portant approbation
   - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la Région Administrative spéciale de Hong Kong de la République Populaire de Chine relatif aux services aériens, signé à Hong Kong, le 3 juin 1998;
   - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de Népal relatif aux services aériens signé à Luxembourg, le 18 juin 1999; - de l'Accord sous forme d'échange de lettres des 13 et 21 juillet 1998 entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement des Etats-Unis d'Amérique amendant l'Accord relatif aux services aériens, signé à Luxembourg, le 19 août 1986, tel qu'il a été amendé par Accord sous forme d'échange de lettres du 6 juin 1995

   *(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
5. 4904 - Projet de loi portant approbation - de la Convention relative à la conciliation et à l'arbitrage au sein de la CSCE, faite à Stockholm, le 15 décembre 1992 - du Protocole financier établi conformément à l'article 13 de la Convention relative à la conciliation et à l'arbitrage au sein de la CSCE, adopté à Prague, le 28 avril 1993

   *(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouve M. Henri Grethen, Ministre.

***(Début de la séance publique à 9.00 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

### 1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1) Par lettre du 12 mars 2003 Monsieur Serge Urbany a informé le Président de la Chambre qu'il désire interpeller le Gouvernement sur l'ONU et les relations futures entre Etats.

2) Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 12 mars 2003, le

*- Projet de loi 5108 relatif à l'assainissement et la liquidation des entreprises d'assurances et modifiant la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances.*

3) Monsieur Henri Grethen, Ministre de l'Economie, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 12 mars 2003, le

*- Projet de loi 5107 portant transposition de la directive 2000/52/CE de la Commission du 26 juillet 2000 modifiant la directive 80/723/CEE relative à la transparence des relations financières entre les Etats membres et les entreprises publiques.*

Mir kommen elo haut de Moien zur Diskussioun vum Projet de loi 4781 iwwert d'Contrats à distance. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Clement, d'Madame Delvaux, den Här Graas an den Här Greisen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

### 2. 4781 - Projet de loi concernant la protection des consommateurs en matière de contrats à distance et abrogeant l'article 7 de la loi modifiée du 25 août 1983 relative à la protection juridique du consommateur

***Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports***

M. John Schummer *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mir haut virleien hunn, soll déi europäesch Direktiv 97/7/CE vum 20. Mee 1997 iwwert d'Protection des consommateurs en matière de contrats à distance ëmsetzen.

Den 8. Mäerz 2001 huet den Ekonomieminister dëse Projet de loi hei an der Chamber déposéiert. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis de 26. Juni 2001 ofginn. De Conseil d'Etat huet säin Avis de 5. Dezember 2001 ofginn. De 16. September 2002 hunn ech d'Aufgab iwwerdroe kritt de Rapport vun dësem Projet de loi ze maachen. An därselwechter Sitzung vun der Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports ass de Projet de loi analyséiert ginn, mam Avis vum Conseil d'Etat.

D'Kommissioun huet eng Rei Amendementer ugeholl, déi se dem Conseil d'Etat den 18. September 2002 dunn zoukomme gelooss huet. De 26. November 2002 huet de Conseil d'Etat säin Avis complémentaire ofginn an den 11. Februar 2003 ass deen Avis examinéiert ginn an och de Rapport zu dësem Projet de loi gouf duerno vun der Kommissioun adoptéiert. Ech hu leider net d'Zäit fir op all Detail vun dësem Projet de loi anzegoen. Ech géif lech dofir biede fir den Detail op den Exposé des motifs vum Projet de loi esou wéi op de schréftleche Rapport zréckzegräifen.

Wat ass awer d'Objektiv vun dësem Projet de loi a vill méi vun dëser Direktiv? Déi Direktiv huet als Zil alleguerten d'Contrats à distance ze regléieren, dat heescht déi, déi iwwer Courrier lafen, Télefon, Fax, Computer oder all aner Kommunikatiounsmëttele mat deenen een iwwer Distanz e Kontrakt kann ofschléissen. Wat d'Risiken an d'Avantagë vun de Contrats à distance ubelaangt, esou stellt d'Natur selwer vun deene Kontrakte schonns a sech e Risque duer.

Entweder gëtt sech bei der Bestellung gëiert oder de Consommateur gëtt ganz einfach beduckst. Et kann awer och sinn, dass de Consommateur enttäuscht ass, wann d'Produkt ukënnt oder geliwwert gëtt, well hien net d'Méiglechkeet hat et réellement ze begutachten, ausser op engem Computerécran oder an engem Prospekt. Dofir ass et wichteg, dass d'Obligatioun vun den Informations préalables an den Droit de rétraction agefouert ginn.

Dann ass et jo och esou, dass d'Technike vun der Vente à distance mat sech bréngen, dass de Client dozou beweegt gëtt sech méi schnell ze décidéieren, woubäi een awer soe muss dass de Commerce électronique an d'Vente sur catalogue déi Technike sinn, déi am mannsten aggressiv sinn. Anescht ass et jo beim Démarchage.

Dofir erlaben ech mer och e Saz ze zitéieren, deen am Exposé des motifs vum Projet de loi zitéiert gëtt an deen aus enger Etüd iwwert dës Direktiv steet: „Le démarchage vient au consommateur, alors que le consommateur va à la vente par correspondance."

Wat elo d'Avantagen ubelaangt, esou ass et jo esou dass de Client effektiv d'Offer doheem an aller Rou kann examinéieren. Hie kann d'Offere vergläichen. Och ass et mat deenen neie Kommunikatiounstechnike méiglech d'Disponibilitéit vun den Artikelen ze wëssen, eben esou wéi hir Délais de livraison, an da kennen déi Offren och meeschtens keng geographesch Limiten.

Fir de Moment ass et esou dass déi legislativ Instrumenter, iwwert déi mer hei zu Lëtzebuerg verfügen, de Consommateur net genuch schützen. D'Ëmsetzung vun dëser Direktiv erlaabt et also e Kader ze schafen, fir de Consommateur nach besser ze schützen.

E Wuert nach zu den Amendementer, wou ech nëmmen déi fundamentaalst wéilt ervirsträichen a mer nach eng Kéier erlaben op den Exposé des motifs an op de Rapport écrit vun dësem Projet de loi ze verweisen.

Tatsaach ass, dass, wéi d'Regierung dëse Projet de loi op den Instanzewee bruecht huet, Lëtzebuerg schonn iwwer e gesetzleche Kader fir de Commerce électronique verfügt huet. Aneschters war et do um communautairen Niveau, wou d'Direktiv iwwert d'Contrats à distance der Direktiv zum Commerce électronique wäit viraus war. Dat erkläert sech awer och doduerch, dass d'Regierung scho fréi alleguerten d'Méiglechkeete vum Commerce électronique erkannt hat a sech dofir um communautairen Niveau positionéiere wollt, fir d'Prestataires de services esou op Lëtzebuerg kënnen ze zéien.

Dat huet mat sech bruecht, dass d'Gesetz iwwert de Commerce électronique vum 14. August vum Joer 2000 a sech alle juristeschen Dispositiounen, wat d'Vente à distance ugeet, virausgaangen ass. Duerch d'Tatsaach, dass d'Regierung e Kapitel an d'Gesetz iwwert de Commerce électronique gesat huet, dat d'Kontrakter mat de Consommateure virgesäit, si verschidde Choixe wéi d'Integratioun vun de Services financiers, déi net duerch d'Direktiv vun der Vente à distance virgesi sinn, getraff ginn am Hibléck op déi besoten Direktiv.

Aus deem Grond huet de Ministère de l'Economie och gemengt gehat et sollt een de Champ d'application vun der Direktiv iwwert d'Contrats à distance esou wéi d'Réglementatioun iwwert de Commerce électronique op d'Services financiers ausweiden.

De Conseil d'Etat huet awer déi Approche kritiséiert, andeem hien argumentéiert huet, dass déi Dispositioune vun enger ganzer Rei vu sektoriellen Direktive géingen ofhänken. D'Kommissioun huet déi Awänn zur Kenntnis geholl an huet sech awer der Meenung vun der Chambre de Commerce ugeschloss. D'Chambre de Commerce ass effektiv net iwwerzeegt vun der Method fir praktesch communautaire Texter ze anticipéieren.

Tatsächlech ass et esou, dass zënter 1998 Négociatiounen um communautairen Niveau amgaange waren iwwer eng Directive de commercialisation à distance des services financiers, déi sech awer als komplex a schwiereg erwisen huet. Well déi Direktiv awer entre-temps adoptéiert ginn ass, a vu dass d'Transpositioun vun der Direktiv sech net eleng op de Kader vun dësem Projet de loi limitéiere kann, ass d'Kommissioun effektiv der Meenung, dass een d'Services financiers aus dem Kader vun dësem Gesetz eraushuele soll.

Bei deem zweeten Amendement handelt et sech ëm d'Articulatioun zwëschent der Dispositioun, déi am Gesetz iwwert de Commerce électronique festgehale gi sinn, an deene vun de Contrats à distance en général.

Am Géigesaz zu deem wat d'Regierung wëlles hat, nämlech an dësem Projet de loi d'Dispositiounen, déi am Gesetz iwwert de Commerce électronique festgehale sinn, zu der Protektioun vun de Consommateuren ze iwwerhuelen, proposéiert d'Kommissioun déi aner Léisung, déi virgesäit d'Kontrakter par voie électronique aus dem Projet erauszehuelen. Wa mer dat maachen, dann applizéiert dëse Projet de loi sech net méi op alleguerten d'Kommunikatiounstechniken, déi de Consommateur huet fir Contrats à distance ofzeschléissen. Vun elo u ginn alleguerten d'Kontrakter, déi par voie électronique geschéien, iwwert d'Gesetz vum Commerce électronique regéiert. D'Kommissioun fënnt, dass déi Léisung déi kloersten ass, well esou an engem Text alleguerten d'Dispositiounen, déi de Commerce électronique ubelaangen, vereenegt sinn, amplaz dass se an e puer Texter dorëmmer verstreet sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et bleift mer just nach ze soen, dass d'Ëmsetzung vun där Direktiv an d'Stëmme vun deem Gesetz de legislative Kader zum Schutz vum Consommateur maßgeblech wäert verbesseren. Aus deem Grond géing ech dann och hoffen, dass d'Chamber dëse Projet adoptéiert.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, mir diskutéieren haut e Projet deen u sech immens technesch ass. Et ass e Projet, deen awer fir de Lëtzebuerger Konsument vu grousser Bedeitung a selbstverständlech och vu groussem Notzen ass.

D'Moyene fir haut eppes ze kafen oder ze bestellen hu sech an deene leschte Joren, dank neien Techniken, grondleeënd verännert an dementspriechend erweidert. Haut ka jiddfereen, wann hien dat wëllt, iwwer Internet oder iwwert de sougenannten Homeshopping: e Fernseh, e Bijou, Buermaschinnen oder eng Jeansbox bestellen, an et dauert an der Regel kaum eng Woch bis dass hien déi bestallte Wueren Heem geliwwert kritt. Et sinn awer grad dës Erneierungen, dës nei Méiglechkeete vu Verkaf an Akaf, déi eng ganz Rei vu juristesche Froen opgeworf hunn. Dës Froe ginn duerch de virleiende Projet zu engem groussen Deel, géif ech soen, beäntwert.

Dat ass also e Projet, deen am direkten Interesse vum Konsument ze gesinn ass. De Projet riicht sech awer net nëmmen un de Konsument, mä och un den Anbieter vu Wueren, dat heescht un de Professionnellen, wéi en am Gesetzestext och genannt gëtt. De Projet dréit dozou bäi fir méi Kloerheet iwwert dës Zort vun Handel ze schafen.

Här President, d'Grënn firwat d'Vente à distance an deene leschte Joren e groussen Opschwonk erlieft huet, an an deene kommende Jore mat Sécherheet nach erliewe wäert, sinn u sech ganz villschichteg. Virun allem sinn et déi nei Kommunikatiounstechniken, déi esouwuel dem Acheteur wéi dem Vendeur vun deene verschiddenste Produiten haut zur Verfügung stinn. Aner Grënn oder Virdeeler sinn, dass de Konsument d'Offerte vun de Produiten an aller Rou doheem examinéiere kann. E kann u sech d'Offer vun deenen eenzelne Produiten doheem ganz genau matenee vergläichen. E weess am Viraus wéini deen neie Produit disponibel ass an e kennt och am Viraus d'Délaie wéini e geliwwert gëtt. De Konsument huet mat e puer Ausnahmen ëmmer en Droit de retour.

D'Offer vun de Produiten ass op geographeschem Plang explosiounsaarteg an d'Luucht gaangen. Haut ass et beispillsweis méiglech e Staubsauger aus Australien kommen ze loossen oder aus Japan sech en echte Kimono ze bestellen.

Ech hu virdru vun der grousser Technicitéit vun dësem Projet geschwat, deen de Rapporteur, den honorable John Schummer, op eng iwwerzeegend Aart a Weis opgeschafft an a sengem Rapport explizéiert huet. Ech wëll him fir déi gutt Aarbecht am Numm vun der CSV-Fraktioun och merci soen.

Op déi technesch Finessë vun dësem Projet wëll ech net méi agoen. Den Här Schummer huet dat gemaach an, wéi gesot, en long et en large och erkläert. Ech wëll awer dovu profitéiere fir op e puer Aspekter vun dësem Projet méi genau zréckzekommen, an der Haaptsaach op déi nei geschafe Virdeeler, oder besser gesot d'Protektioun vum Konsument, déi jo dann och noutgedrongen de Bewegungsspillraum esou wéi d'Behuele vum Anbieter festleeën.

D'Direktiv 97/7/CE ass eng minimalistesch Direktiv, déi d'EU-Memberstaten opfuerdert, op d'mannst esou restriktiv ze agéieren, oder ze légiféréieren, wéi d'Direktiv selwer dat virgesäit. Dat heescht am Klortext, dass et deene jeeweilege Regierungen iwwerlooss ass fir méi restriktiv Bestëmmungen an hir national Gesetzgebung ze integréieren, dat natierlech am volle Respekt vum Traité vun der Europäescher Unioun an der communautairer Jurisprudenz. Dat bréngt zum Beispill mat sech, dass déi eventuell méi restriktiv Mesuren den Handel tëschent den EU-Memberstaten net däerfen entravéieren oder diskriminéieren. Et ass an der Kommissioun also och dorëms gaange fir eng Direktiv auszeschaffen, déi verhënnert dass déi eenzel national Législatioune fir e groussen Duerchernee suergen. Et ass, wéi gesot, fir sech kuerz ze faassen, eng echt Basisdirektiv mat där mer et hei ze dinn hunn.

Aus dësen Iwwerleeungen eraus, Här President, dat heescht dem Schutz vum Konsument op där enger Säit, an der Beschleunegung fir en effikassen Handel am EU-Bannemaart op där anerer Säit, ass de virleiende Projet entstanen. De virleiende Gesetzestext dréit dëse Contrainten an engem ganz grousse Mooss Rechnung.

Wat steet elo an dësem Text, a wat bedeit et konkret fir de Lëtzebuerger Konsument? Fir de Konsument besti bei dëse Contrats à distance jo awer ëmmer eng ganz Rei vu Risiken. Et kann zum Beispill virkommen, dass de Produit net de Virstellunge vum Verbraucher entsprécht, dat aus dem Sachverhalt eraus, dass en de Produit net konnt probéieren an op seng Funktionalitéit hin iwwerpréiwen. Dofir muss de Konsument iwwer adequat Informatiounen, déi de Produit betreffen, am Viraus verfügen. De Konsument huet och d'Recht, wann e seriö Grënn a Bedenken huet, fir de Produit net brauchen unzehuelen. Risike bestinn awer och um Niveau vun der Vielfalt vun den Technologië selwer, déi de Konsument haut méi vulnerabel maachen.

D'Direktiv, déi duerch dëse Gesetzestext transposéiert gëtt, applizéiert sech op verschidde vun dësen neien Technologien, déi, wéi schonns gesot, et haut méiglech maache fir schnell an onkomplizéiert eppes ze kafen. Selbstverständlech gëtt d'Offer vun de Produkter an d'Méiglechkeet vum Präisvergläich fir de Konsument duerch déi verschidden Zorte vun der Vente à distance vervielfältegt. Et ass deemno net vu Muttwëll, dass hei en zolidde Rechtskader geschafe gëtt. D'Union luxembourgeoise des Consommateurs bescheinegt, dass déi meescht Litigë sech op d'Vente par correspondance a manner dacks op de sougenannten Télé-Achat bezéien. Et handelt sech an deene meeschte Fäll ëm Problemer, déi sech an der Haaptsaach op en Harcèlement vum Konsument bezéien, e Konsument deen duerch eng Villzuel vun Offertë vun ëmmer deem nämlechte Produit regelrecht verréckt gemaach ka ginn, Offerten déi och nach ganz dacks e grousse Manktum u Seriositéit hunn. Dobäi kënnen nach eng ganz Rei vun anere Problemer opkommen. Zum Beispill Retarde bei Liwwerungen, Problemer bei der Conformitéit vun deene geliwwerte Wuere par rapport zur Commande, oder och Problemer um Niveau vun der Bezuelung.

Aus dëser Villzuel vu potenzielle Schwieregkeete gëtt eppes ganz däitlech. De Verbraucher ass an deem heiten Dossier ouni Zweifel de Maillon faible. De Gesetzestext gesäit dofir eng Rei vun Dispositioune vir, déi Klorheet schafe sollen an der Relatioun tëschent dem Professionnellen an dem Konsument, an déi de Konsument virun enger ganzer Rei vu potenzielle Schwieregkeete schütze sollen. Ech wëll hei nëmmen e puer Moossnamen dovunner erausgräifen.

De Professionnellen ass iwwert dëst Gesetz obligéiert fir de Konsument ausreechend iwwer sech an iwwer seng Firma ze informéieren. E muss de Konsument och iwwert deen offréierte Produit informéieren, an doriwwer eraus och iwwert d'Vertragsbedéngungen. Des Weidere gëtt eng Confirmatiounsflicht iwwert d'Informatioun vum deem d'Produit agefouert, an dat spéitstens zum Datum vun der Livraisoun. Et gëtt en Droit de rétractation, also e Récktrëttsrecht innerhalb vu siwen Deeg agefouert, gekoppelt mat der Obligatioun vum indirekte Remboursement à charge du fournisseur, d'Aféierung vun enger Charge de la preuve vum Fournisseur am Fall vu Contestatioune wat de Respekt vu verschiddenen Délaien ugeet, oder wat d'Transmissioun vu préalabelen Informatiounen iwwert de Produit ugeet, oder wa keng Eenegkeet iwwert den Datum vun der Zoustellung vum Kafoptrag vum Konsument besteet, de Verbuet vun der Vente par inertie, wann d'Averständnis vum Konsument net explizit virläit.

Doriwwer eraus ass am Fall vun enger net erwënschter Liwwerung de Konsument vun enger Contre-prestation, also vum Bezuelen dispenséiert. Am Fall wou de Konsument keng Äntwert gëtt, also keng Zoustëmmung do ass, ass dat net automatesch mat engem Accord gläichzestellen. Clientsappeller iwwert den Automate d'appel sans intervention humaine oder iwwer Fax opt-in-System brauchen am Virfeld d'Autorisatioun vum Client selwer. D'Verkafstechnike vum opt-out-System sinn am Prinzip autoriséiert, ausser am Fall wou de Konsument sech ausdrécklech dogéint opposéiert.

Am Artikel 9 geet de virleiende Projet méi wäit wéi d'Direktiv selwer, andeems den Tëlemarketing säitens dem Professionnelle verbuede gëtt, mat der Ausnahm wou de Konsument dëser Technique de vente préalablement zougestëmmt huet. De Projet léisst, wéi scho gesot, eng ganz Rei vun Ongereimtheeten an dësem explosiounsaarteg wuessendem Domän. Et gëtt hei Rechter a Flichte fir déi béid Geschäftspartner reglementéiert.

Vill Entreprisen, och déi vun enger méi klenger Envergure, kréien duerch dës nei Verkafstechnike méi a mat Sécherheet nei Méiglechkeete sech méi engem breede Publik duerzestellen. Hei kreéiert sech, Här President, an deem ganz rasanten Tempo, eng séier modern an innovativ Zort vun Handel. Et bleiwen awer, wéi scho gesot, trotz dëser Direktiv, trotz dësem Gesetzestext nach vill Froen op, Froen déi selbstverständlech awer net onbedéngt dat heite Gesetz betreffen, mä déi een awer am Kontext vun deem heite Gesetz gesi muss.

Och wann de Commerce électronique net wéi ursprünglech virgesinn an dësem Gesetz verankert ass, esou musse mer awer d'Gesetz vum 14. August 2000 iwwert de Commerce électronique conforme setze mat der Direktiv 97/7.

Ech denken och un d'Signature électronique, wou eis Législatioun nach net mat där rasanter Entwécklung Schrëtt gehalen huet. Et wier scho gutt, éischtens aus Sécherheetsgrënn an zweetens aus Grënn vun der Transparenz, wa mer hei eng Architecture vun enger Signature électronique géife kréien déi performant wier a mer net weiderhin op iergendwellech Computersystemer ugewise wären.

Eng aner Fro ass: Wéi steet et mat der Abgab vun der TVA, wa Produiten aus Net-EU-Länner iwwer Internet bestallt a geliwwert ginn? Ouni

adequat Gesetzgebung stellt eng Net-TVA-flichteg Vente eng zolidd Concurrence déloyale duer. Ech weess dass e Groupe de travail an der europäescher Kommissioun un den Texter fir esou eng Direktiv schafft, mä dat hëlleft eis an dësem Stadium net weider. Et ass dofir wichteg, dass dës Texter esou séier wéi méiglech géifen op d'Tapéit kommen an dann och kënnten ëmgesat ginn.

Ech denken awer, datt dat virleiend Gesetz e Schrëtt an déi richteg Richtung ass an e juristesche Kader duerstellt, dee modern ass an dee sech deenen neie Forme vum Commerce a vun de Kommunikatiounsmoyenen upasst.

An den Diskussiounen, déi mer an der Ekonomieskommissioun haten, ass ersichtlech ginn, datt de Projet net zu gréissere Schwieregkeete gefouert huet. Aus dësem Grond kënne mir als CSV-Fraktioun dësem Gesetz och zoustëmmen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Mady Delvaux agedroen. D'Madame Delvaux huet d'Wuert.

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetz transposéiere mer eng Direktiv vun 1997 iwwert d'Protektioun vun de Consommateuren en matière de contrat à distance. Wat mer fréier Vente par correspondance genannt hunn heescht elo Contrat à distance.

Ech mengen, et ass eng wichteg Transpositioun, well, wéi meng Virriedner jo gesot hunn, d'Vente à distance sécher ëmmer méi important an der Zukunft gëtt. Si huet schonn eng gewëssen Importenz an déi wäert och net ofhuelen. Et ass also wichteg de Consommateur hei esou gutt wéi méiglech ze schützen an him seng Rechter och kloer ze maachen.

Déi éischt Absicht vun der Regierung war, fir dass an dësem Gesetz all d'Kontrakter à distance, egal wat den technesche Support ass dovunner, sollte geregelt ginn, dat heescht esou gutt richteg Correspondance wéi den Tëlefon, de Fax, de Mail, mä awer och den elektronesche Commerce, alles, wat also zwëschent engem Professionellen an engem Consommateur géif ofgehandelt ginn, soll an engem Gesetz zesummegoen. Ech hätt déi Intentioun och begréisst, well ech et wichteg fannen dass een an engem Dokument all déi noutwenneg Informatiounen erëmfënnt. Op Recommandatioun vum Conseil d'Etat sinn awer d'Services financiers erausgeholl ginn. Dat liicht mer an, firwat dass d'Services financiers erausgeholl gi sinn. Effektiv waren Négociatiounen amgaang iwwer eng Direktiv, déi och elo am Joer 2002 eréischt ugeholl ginn ass. Mir konnten also net scho virdrun en Text transposéieren, deen et nach net ginn ass.

Och déi Remarque, dass mer jo am Fong en neit Gesetz iwwert de Commerce électronique hätten, an dass et also net gutt wär fir elo erëm duerch en anert Gesetz doranner änneren ze goen, dat liicht mer och an. Ech kann also och mat dëser Propositioun liewen. Ech wëll hei net op all d'Detailer vun deem Gesetz agoen. Éischtens well et wierklech Detailer sinn. Et muss ee sech also duerch all Artikel derduerch kämpfen an zweetens hu meng Virriedner dat jo och scho gemaach.

Ech stelle just fest, dass mer elo geschwënn dann erëm en neit Gesetz iwwert de Commerce électronique kréien, well eist Gesetz vum August 2000 entsprécht net méi dem Text vun den Direktiven. A ganz kuerzer Zäit - huelen ech un - kréie mer also erëm iwwert de Sujet hei ze diskutéieren.

Ech wéilt eng allgemeng Bemierkung maachen an ech ginn och net midd se ze maachen: Ech probéiere mech am Konsumenterecht erëmzefannen, awer doduerch dass d'Matière komplizéiert ass a vill Direktiven an der Maach sinn oder ofgeschloss gi si ginn déi Texter oft geännert an ech fannen et éierlech gesot fir de Consommateur net einfach sech an der Gesetzgebung erëmzefannen. Dofir mengen ech, dass et un der Zäit wär fir e consolidéierten Text ze maachen, e richtege Code du consommateur, net ee wou nëmmen eng Oplëschtung vun de Gesetzer dra steet, mä wierklech en Text wou och een, deen net Spezialist ass, sech kann erëmfannen.

Mir ginn net midd an eiser Gesellschaft ëmmer erëm ze schwätze vun der Konkurrenz, déi jo esou gutt ass fir de Consommateur, well se him eng grouss Offer ubitt, well hien da kann ofwäerten, an dass mer e mündegen an e gutt informéierte Consommateur brauchen. Ech sinn och dovun iwwerzeegt, dass mer dee brauchen, mä wa mer dee gären hätten, da musse mer awer och d'Moyenen zur Verfügung stellen, dass mir alleguerten, déi mir Consommateure sinn, eis selwer kënnen erëmfannen an den Texter, an dass mer eis net mussen duerch en Urwald vu Législatiounen erduerch kämpfen an alles mühseleg zesumme siche mussen.

Duerfir nach eng Kéier spéitstens, géif ech mengen, nodeem déi lescht Direktiv iwwert de Commerce électronique dann transposéiert gëtt, wär et un der Zäit fir e consolidéierten Text auszeschaffen, wou all d'Informatioune fir de Consommateur liicht accessibel sinn.

Dat gesot, Här President, bréngen ech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- Den Här Gusty Graas ass als nächste Riedner agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en Handel, deen tëschent Partner just iwwer en Handschlag gemaach gëtt, gëtt u sech ëmmer méi rar, jiddefalls mat der rasanter technescher Entwécklung. Et ginn der nach ëmmer, jo, mä, wéi gesot, haut ass dat awer trotzdeem net méi esou evident a mat der rasanter technescher Entwécklung a mat der Globaliséierung gi jiddefalls ëmmer méi kommerziell Ofmaachungen tëschent Parteie gemaach, déi sech u sech perséinlech ni begéinen. Et ass also kloer, dass dës Form vu Kontrakter, déi jo och ëmmer méi u Bedeitung gewënnt, en däitleche juristesche Kader kréie muss.

Dës Kontrakter hu jiddefalls de Virdeel, dass ee sech vill méi Zäit kann huele beim Choix vun der Wuer oder der Déngschtleeschtung an datt ee virun allem sech awer och vill méi geziilt bei Lieferanten informéiere kann. Leider ginn awer natierlech mat dëser Manéier fir Geschäfter ofzeschléissen d'Méiglechkeete méi grouss fir Abüen ze bedreiwen.

Wann een zum Beispill als Lëtzebuerger en Handel mat engem griichesche Verkeefer iwwer Tëlefon mécht, da spillt sech dat zu engem gudden Deel an engem Raum of, wou ee jiddefalls kee gréisseren Ableck drop huet, dat heescht éischter an engem abstrakte Raum. Weder weess een direkt mat wiem een ze dinn huet, nach kann een d'Ëmfeld genee erkennen an deem ee sech beweegt.

Duerfir huet dëst Gesetz ouni Zweifel seng Wichtegkeet, fir datt de Consommateur u sech nach e gréissere juristesche Kader gesat kritt fir deementspriechend kënne seng Akeef ofzeweckelen. Och wa mir Lëtzebuerger vläicht nach e bësse méi retizent si vis-à-vis vun dëser Méiglechkeet Akeef ze maachen, esou mengen ech, datt an Zukunft déi Méiglechkeet, fir iwwer e Contrat à distance eng Wuer anzekafen, awer méi u Bedeitung gewanne wäert. Trotzdeem soll ee sech awer net der Illusioun higinn, datt mer an Zukunft nëmmen nach wäerten iwwert deen dote Wee eis Akeef maachen, well de mënschleche Kontakt soll awer weiderhi bestoe bleiwen, an dat ass ouni Zweifel gutt esou.

Dëse Projet de loi soll also d'Rechter vum Konsument a virun allem seng Sécherheet, wa Kontrakter iwwer Distanz gemaach ginn, nach verbesseren. Dat ass ouni Zweifel en erstriewenswäert Zil, wat an eiser moderner Konsumgesellschaft eng grouss Noutwendegkeet ginn ass.

Ënnert deene ville Sécherheetsmoossnamen am Intérêt vum Konsument - ech wëll se net nach eng Kéier opzielen, dat hu meng Virriedner scho gemaach - wëll ech awer trotzdeem op deen Délai vu siwen Aarbechtsdeeg nach eng Kéier hiweisen, deen dem Konsument, wéi gesot, zur Verfügung steet fir kënne säi Kontrakt gegebenenfalls ze annuléieren.

A bestëmmte Fäll kënne jo och dem Konsument seng Sue rembourséiert ginn. Dat ass e wesentlecht Element vun dësem Gesetz, well soss kéint ech mer virstellen datt dach awer vill Konsumenten net géife versichen iwwert dës Technik hir Akeef ze maachen.

Et wier och net schlecht wann de Verkeefer mat engem Label géif ausgezeechent ginn, sous réserve natierlech datt hie gewësse Konditiounen erfëlle géif. Ech wëll drop hiweisen, datt et esou e Label iwwregens an Amerika gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann an dësem Gesetzesprojet Kontrakter, déi iwwert den elektronesche Wee gemaach ginn, net viséiert sinn, esou erlaabt dës Diskussioun et awer vläicht nach e puer kuerz Reflexiounen iwwert de Commerce électronique ze maachen.

E Rapport vun der OECD aus dem Joer 1996 hat dës Diskussioun u sech richteg ugekuerbelt. Haut, nëmme siwe Joer méi spéit, kënne mer jo feststellen, datt den elektronesche Commerce ëmmer méi u Bedeitung gewënnt, an deem muss natierlech de Législateur Rechnung droen. Deen Eenzelne mierkt dat am beschten a sengem dagdeegleche Liewen. Vill Déngschtleeschtunge ginn haut iwwert den elektronesche Wee ofgewéckelt, sief dat duerch d'Bezuele mat der Kreditkaart, sief dat den Homebanking an och aner Manéiere fir seng Geschäfter ze maachen.

Op Basis vun enger amerikanescher Etüd ass zum Beispill erauskomm, datt e Virement eng Bank honnertmol méi kascht wann en am traditionelle Guichet effectuéiert gëtt wéi wann dat iwwer Internet geschitt. De Commerce électronique tëschent den Entreprisë selwer mécht ongefeier ? vum gesamte Commerce électronique aus. Haaptsächlech d'PMEe kënnen also da vun dëse Moyene profitéieren.

D'Produktivitéit gëtt ouni Zweifel erhéicht, well d'Zouliwwerungskäschten oder d'Produktiounsduréeë reduzéiert kënne ginn. Virun allem natierlech spillt d'Signature électronique eng wesentlech Roll an de kommerzielle Verträg, déi iwwert den Internet zum Beispill ofgewéckelt ginn. Mam Gesetz 4641, wat mer den 12. Juli 2000 hei gestëmmt haten a wat de 14. August 2000 am Mémorial publizéiert gouf, ass de legislative Kader fir déi elektronesch Ënnerschrëft gesat ginn. U sech hat jo bis elo an deem Domän de Stat wéi och de Privatsecteur zweegleiseg geschafft, mä et muss een awer drop hiweisen datt elo kierzlech eng interessant Initiativ geholl gouf, datt den Interesseverband LuxTrust elo gegrënnt gouf, wat et jo elo erlaabt datt déi öffentlech Hand an de Privatsecteur un engem Strang zéien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Fait datt mir haut dat Gesetz stëmmen, obwuel et jo nëmmen d'Ëmsetzung vun enger Direktiv ass, ass awer och de beschte Beweis datt d'Regierung gewëllt ass fir an dësem Beräich Neel mat Käpp ze maachen. Et wier gutt - an dat ass och virdrun hei schonn ugeklongen - wann déi nei Dispositiounen natierlech géifen de Konsumente geziilt matgedeelt ginn. Do ass een natierlech och op d'Hëllef vun der Konsumentevereenegung ugewisen.

Ech brénge selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz, ouni awer net nach ofschléissend mengem Fraktiounskolleeg, dem John Schummer, merci ze soe fir säi mëndlechen a schréftleche Bericht.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och all deene Leit merci soen déi un deem Projet matgeschafft hunn.

Mir wëssen, bei dësem Projet schwätze mer iwwer en neit Gesetz am Kader vum Handel, deen iwwer Tëlefon, Fax oder anert Geschier ofleeft. Geännert gëtt heimat och e bestehend Gesetz vun 1983, wat allgemeng de Konsumenteschutz rechtlech ofséchert. Dernieft gëtt et nach en anert Gesetz vum 14. August 2000, wat nëmmen den elektroneschen Handel betrëfft. D'Handelskammer weist an hirem Avis drop hin, dass och d'Gesetz iwwert d'Hauséieren aus dem Joer 1987 nach misst ugepasst ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wäerten also deemnächst mindestens véier verschidde Gesetzer hunn, déi sech am Fong mam selwechte Problem befaassen, dem Konsumenteschutz.

Iwwert déi ëmständlech Prozedur, den Hin an Hier bei der Virbereedung an déi rechtlech Komplexitéit vun den Texter ass hei scho geschwat ginn. Verschidde wichteg Ännerungen, déi vun der Regierung geholl goufen, opgrond vu formeller Oppositioun vum Statsrot, beweisen dëst sécherlech. Grad esou léisst d'Tatsaach, dass d'Finanzservicer ënnerwee erausgeholl goufen, drop schléissen, dass et fir de Konsument nach méi komplizéiert wäert ginn. Nodeem de Statsrot am zweeten Ulaf säi Sege ginn huet a verschidde Verbesserunge virgeholl gi sinn, kann den ADR trotz de genannte Bedenken dësen Text mat stëmmen.

Op e puer Punkte wëll ech awer nach zréckkommen, fir dem ADR seng Virstellungen erauszesträichen. Am Artikel 2 vum Projet steet, wat alles nach net geregelt ass. Ze nenne wieren do emol éischtens, dass d'Finanzservicer erausgeholl gi sinn. Wann een d'Problemer kuckt, déi verschidde Konsumenten hu mat Assurancen, Geld léinen oder placéieren, da gesäit een dass et Zäit gëtt, dass déi europäesch Direktiven op deem Gebitt weiderkommen an eis Regierung weider rechtlech Schrëtt ënnerhëlt.

Zweetens, net betraff sinn d'Verkafsautomaten. Hei gëllt et awer de Konsument ze schütze virun Hannermänner, déi Apparaten éischter als automatesch Banditte fonctionnéiere loossen. Drëttens sinn och net am Projet d'Bauwiesen an den Immobilienhandel. Jiddferee weess awer, dass op deem Gebitt besser rechtlech Ofsécherung vum Konsument, als schwächste Glidd an der Ketten, noutwenneg ass.

Véiertens verschidde Sécherheete fir de Konsument entfalen och am Beräich vun den Déngschtleeschtungen, bei Auslandsopenthalt mat Hotel, Transport an esou weider. Den ADR ass der Meenung, dass d'ULC Recht huet drop hinzeweisen, dass grad bei Reesen déi richteg Informatioun vum Zäitpunkt vum Récktrëtt am Sënn vum Konsument propper geregelt muss ginn.

Dann zum Artikel 3. Den ADR begréisst et, dass d'Informatioune fir de Verkeefer rechtlech verbindlech festgeluecht sinn, besonnesch d'Identitéit, d'Adress vum Liwwerant, wou de Konsument seng Reklamatioune kann ubréngen, si wichteg, wann hien am Ausland akeeft. Grad esou wichteg sinn aner Prezisiounen déi de Konsument muss kréien, wéi zum Beispill: Récktrëtt, eenzel Käschten an esou weider, op déi ech awer net wëll weider am Eenzelnen agoen.

Positiv fanne mir och dass verlaangt ass, dass bei Démarchen iwwer Tëlefon ëmmer muss kloergestallt ginn, an zwar am Ufank vum Gespréich, dass et sech ëm e kommerziellen Zweck handelt. Den ADR gesäit och d'Noutwendegkeet a vun der schréftlecher Bestätegung vun engem Vertrag duerch de Liwwerant, esou wéi et am Artikel 4 festgeluecht ass.

De Récktrëtt vun engem Kaf ass an den Ae vum ADR och zefriddestellend am Artikel 5 geregelt. Et ass wichteg dass de Konsument vernünfteg Délaie behält, esou wéi se am Eenzelnen am Projet stinn. Mat den entspriechende Bedingunge fir seng Suen zréckzekréien, wann een dat dann zegutt huet, esou wéi et am nächsten Artikel 6 steet, menge mir, dass e gesond Gläichgewiicht tëschent Konsumenteschutz an Handelssécherheet besteet.

Wat geschitt bei der Ausféierung vum Vertrag mat den Délaie fir Liwwerung a mat dem Zréckbezuele bei Net-Ausféierung, Net-Liwwerung? Dës Punkte si positiv ze bewäerten, esou wéi se am Artikel 7 virgesi sinn.

Kritt de Konsument eppes geliwwert, wat hien net bestallt huet, da brauch hie weder ze äntwerten nach ze bezuelen. Dësen Text vum Artikel 8 geet e bësse wäit. E Liwwerant, dee sech gëiert huet an eng Wuer op eng falsch Adress schéckt, riskéiert säi klengen Iertum deier ze bezuelen, wann de betreffende „Glécklechen“ onéierlech ass an net fräiwëlleg eppes seet. Dem ADR seng Bedenken am Bezuch dorobber si leider net berücksichtegt gi vun der Regierung.

Ze begréissen ass, wéi am Artikel 9 steet: „Hauséieren“ iwwer automatesch Systemer, Tëlefon oder Tëlefax, kann nëmmen da gemaach ginn, wann de Konsument virdru säin Averständnis kloer ginn hat. Anerersäits kënnen all aner Kommunikatiounstechniken esou laang vun engem Verkeefer benotzt gi bis de Konsument kloer Nee gesot huet.

Déi zwee nächst Artikele versichen de Problem ze regelen, deen ëmmer nach besteet duerch en Niewentenee vu verschiddenen nationalen, europäeschen an anere Gesetzer. Gëtt zum Beispill de Vertrag iwwer e Gesetz aus engem net-europäesche Land geregelt, da soll dëst Gesetz gëlle wann de Konsument an der EU wunnt an do och de Vertrag ofschléisst.

En anert Beispill: Esou laang wéi innerhalb vun de gemeinschaftlechen oder nationale Regele keng speziell Virschréfte fir eenzel Typë vu Verträg bestinn, gëllen d'Bestëmmunge vun dësem Projet. Am Fall wou awer esou speziell Virschréfte bestinn, hunn dës Virrang virun deem heitege Projet op de betraffene spezielle Punkten. Et schéngt mir wéi wann hei un éischter Plaz un d'Pai vun de Juriste geduecht ginn ass, déi sech spéider domadder befaassen däerfen.

Dofir zum Schluss zwou Propositiounen. Éischtens den ADR ënnerstëtzt de Virschlag vun der Handelskammer fir eng Opstellung ze maache vun alle Gesetzestexter, déi de Verbraucherschutz betreffen. Zweetens nieft dem Handel mat Finanzservicer, mat der elektronescher Ënnerschréft, sinn och nach Lotterien, de Verkaf nom Pyramidesystem oder verschidden Ënnerhändlerverdeelungen ënnert d'Lupp ze huelen.

Ënnert dëse Viraussetzunge wäert den ADR de Projet mat stëmmen.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Et ass kee Riedner méi agedroen. Dann hätt d'Wuert elo den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Merci, Här President. Ech wëll fir d'éischt alle Riedner, déi zu dësem Projet Stellung geholl hunn, merci soen an hinne félicitéieren, dass se de Courage hate sech an esou eng komplex Matière anzeschaffen.

Dësen Text ass jo vun der Chamber opgrond vum Avis vum Conseil d'Etat wesentlech ofgeännert ginn. D'Regierung hat an engem éischte Projet proposéiert fir all Forme vu Vente à distance anzebegräifen. De Conseil d'Etat huet gemengt et soll een dee Wee net aschloen. De Conseil d'Etat huet och a sengem Avis eng ganz Rei vun Oppositions formelles virgeholl, woubäi sech dann d'Fro opwerft, Här President, wat d'Valeur vun enger Opposition formelle vum Conseil d'Etat ass. Ech mengen, dat ass eng Fro déi een och eng Kéier misst definitiv tranchéieren.

Dir kennt meng liicht méi kritesch Astellung zum Conseil d'Etat. Ech sinn ëmmer dovun ausgaangen, dass, wann de Conseil d'Etat géif eng Opposition formelle maachen, da wier dat well de Conseil d'Etat der Meenung wier d'Verfassungsrechter géife violéiert ginn, mä dass de Conseil d'Etat net géif eng Opposition formelle maachen am Fall vun enger Fro vu politescher Opportunitéit.

Ech gesinn och, dass déi Waff vum Conseil d'Etat vun der Opposition formelle munchmol d'Chamber, de Législateur, mä och d'Regierung an d'Quëtsch bréngt, well Délaie spillen. Bei der Annonce vun enger Opposition formelle weess jo dann d'Chamber, dass et e Projet ass wou se sech iwwert d'Opposition formelle vum Conseil d'Etat ewechsetzt an dass dee Projet dann, wat eigentlech déi normal Praxis wier, well mir fuere jo ëmmer no der Ausnahm, misst zweemol hei an der Chamber ofgestëmmt ginn. De Conseil d'Etat setzt déi Waff a fir d'Chamber drop opmierksam ze maachen, dass dann d'Délaien, an deenen dat Gesetz kéint a Kraaft trieden, verlängert ginn an dass fréistens no dräi Méint eng zweete Kéier kann iwwert dat Gesetz ofgestëmmt ginn. Mä ech mengen zwëschent den Institutiounen, zwëschent der Regierung, zwëschent dem Conseil d'Etat an der Chamber misst ee sech vläicht eng Kéier iwwert d'Asetze vun der Opposition formelle, iwwert déi Aart a Weis virzegoen, eens ginn.

Ech kann heimadder, Här President, liewen. Ech hunn och an der Kommissioun d'Chamber informéiert, dass ech déi Modifikatiounen, déi proposéiert gi sinn, akzeptéiere kann. Ech hätt léiwer gehat mir wiere bei deem ursprünglechen Text bliwwen. D'Chamber huet sech awer dem Avis vum Conseil d'Etat ugeschloss. Ech huelen dat zur Kenntnis a félicitéiere mech, Här President, dass mer esou eng breet Zoustëmmung zu dësem Text hei kréien.

Ech wollt awer op e puer Froen agoen, Här President, déi opgeworf gi si vum Här Clement a vun anere Riedner iwwert d'Signature électronique. Mir ware jo déi éischt an Europa, déi d'Signature électronique an ee Gesetzestext gefaasst hunn. Mir hunn eigentlech eng europäesch Direktiv anticipéiert, mat der Konsequenz dass mer elo, wou mer deen endgültegen Text vun der Direktiv kennen, an der Obligatioun si punktuell bei deem engen oder anere Punkt Ofännerungen ze maachen, fir eis Dispositiounen deene vun der europäescher Direktiv conforme ze maachen. Dat ass e Risiko, deen ee leeft, wann ee méi schnell wëllt si wéi anerer, wann ee gären the first mover advantage hätt. Da muss een dee Risiko droen. Mir sinn dee Risiko ganz bewosst agaangen.

Mir wëssen och, dass eist Gebai vun der Signature électronique nach net komplett ass. Dat ass awer net d'Schold vun der Regierung, mä mir versichen esou e System hei zu Lëtzebuerg ze kréien, dee fir sämtlech Acteuren, net nëmme fir de Stat, mä och fir de Privatsecteur a ganz besonnesch fir d'Banke valabel ass an deen och d'Interopérabilitéit mat anere Systemer géif garantéieren.

Et gëtt leider en matière de sécurité vun der Signature électronique nach keen einheitleche Standard. Mir hunn duerfir zesumme mat engem Grupp vu Banken de Groupement d'intérêt économique LuxTrust gegrënnt - den Här Graas ass dorobber agaang - fir d'Faisabilitéit vun engem gemeinsamen TrustZenter fir sämtlech Opérateuren hei zu Lëtzebuerg kënnen ze garantéieren.

Dir wësst, wann Dir privat selwer mat Ärer Bank oder mam Postscheck op elektroneschem Wee Är Viremente maacht, Är Konte consultéiert, dann huet déi Bank mat där Der an der Korrespondenz sidd schonn e Système de sécurité agefouert, mä d'Gageure hei, dat ass fir all déi Systemer ee mat deem anere kompatibel ze maachen, fir sécher ze sinn dass déi Signature électronique, déi Dir ofgitt, an alle Systemer fonctionnéiert.

Et gëtt dann dem Stat virgeworf mir géifen net schnell genuch maachen. Mir kënnen als Stat fir de Bierger, nenne mer et emol eng Identitéitskaart, op de Maart bréngen, déi och elektronesch seng Identitéit certifiéiert, mä dee System ass dann net nécessairement kompatibel mat all deenen aneren, well an de Kontakter zwëschent dem Bierger an dem Stat sengen Administratiounen, do ass jo just d'Certitude verlaangt dass et och deen ass, dee sech do mat där Kaart oder op deem Wee mellt. Bei de Banken awer zum Beispill ass nieft der Certitude d'Confidentialitéit enorm wichteg. Mir mussen déi zwou Saachen an enger gemeinsamer Architektur zesummebréngen. Dat ass ee vun de Problemer, plus d'Absence vu Standarden um europäesche respektiv um Weltniveau.

Mir sinn amgaang dorunner ze schaffen. Ech hoffen dass mer duerch dee Groupement d'intérêt économique, dee mer virun zwou Wochen offiziell an d'Liewe geruff hunn, schnell Konklusiounen zéie kënnen. Ech hunn an enger éischter Approche gesot, an deenen nächsten zwee Joer - well ech wollt sécher sinn dass dann och wierklech d'Aarbechte fäerdeg sinn, mä Optimiste soen dass mer scho kéinten a sechs Méint wéinstens wëssen a wat fir eng Richtung mer goe sollen -, ob et iwwerhaapt faisabel ass oder ob een net sollt einfach fir e bestehende System optéieren, quitte dass deen net deenen Usprëch genügt déi een eventuell stelle kéint.

Am Zesummenhang, Här President, mat dësem Gesetz iwwert d'Ventes à distance stellt sech - an den Här Clement huet dat zu Recht évoquéiert - d'Fro vun der TVA. Wou ass wien TVA-pflichteg? D'Lëtzebuerger Regierung, well mir déi niddregst TVA-Sätz an Europa hunn, ass eigentlech der Meenung dass an de Relatiounen, an ech schwätzen nëmme vun de Relatioune B to C, dat heescht Business to consumers, d'TVA do muss bezuelt gi wou de Sëtz vum Vendeur ass. Ech wëll lech awer net verheemlechen, dass aner Länner anerer Meenung sinn.

Mir vertriede grosso modo déi doten Thees op europäeschem Niveau wou d'Verhandlungen nach amgaange sinn, well mer der Meenung sinn dass dat, wéinst eisen niddregsten TVA-Sätz an Europa, d'Méiglechket géif gi fir gréisser Betriber hei op Lëtzebuerg ze kréien, déi da vu Lëtzebuerg aus kéinten hir Operatiounen am Commerce électronique mat der Europäescher Unioun, haut mat deene 14 aneren a mar mat deene 24 anere Memberlänner, ofwéckelen. Dir kënnt lech virstellen, dass dat awer net nëmmen op déi ongedeelte Sympathie vun eise Partner stéisst.

D'Madame Delvaux huet an hirer Interventioun zu Recht drun erënnert, dass mer - an ech si jo schonn drop agaang - deemnächst erëm eng Kéier wäerten eist Gesetz iwwert de Commerce électronique mussen ëmänneren, fir et den europäesche Gegebenheeten unzepassen.

Si reklaméiert, an ech verstinn hir Demande, e Code du consommateur. Ech muss lech soen, dass ech als Wirtschaftsminister, deen

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live

**Chamber TV**

och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op

**www.chd.lu**

mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

d'Tutelle vun de Consommateuren hunn, relativ schlecht dru sinn, well ech déi Ressources humaines fir dee Code opzestelle leider net hunn. Ech sinn awer amgaang am Budget 2004 no Méiglechkeeten ze sichen déi noutwenneg Kreditter ze kréie fir mat Hëllef vun zum Beispill engem Centre de recherche public ze kucken esou e Code kënnen opzestellen.

Mir sinn eis eens, dass en net nëmme eng Compilatioun vu bestehenden Texter si kann, mä wann e soll am Intérêt vum Konsument sinn, da muss en net nëmmen déi verfügbar Jurisprudenz bréngen, mä et mussen och nach Erklärungen dobäi si wéi en unzewenden ass. Ech ka just hei soen, dass mer wäerte kucken déi noutwenneg budgetär Mëttelen ze kréie fir déi Aarbecht ze maachen, déi natierlech net vun haut op mar kann ofgeschloss ginn.

Här President, den Här Greisen huet ënnerstrach dass seng Fraktioun bedauert, dass een dem Artikel 8 net konnt eng aner Fassung ginn. Den Artikel 8, ganz besonnesch am zweete Paragraph, seet: « En cas de fourniture non demandée, le consommateur est dispensé de toute contre-prestation, l'absence de réponse ne valant pas consentement. »

Här President, ech muss den Här Greisen drop opmierksam maachen, deen zwar seng Zoustëmmung zum Gesetz gëtt, dass mir net anescht kënne wéi dat do esou ëmzesetzen. An där Direktiv, déi mer hei mussen transposéieren, an déi jo och am Document parlementaire 4781 opgefouert ass, steet op der Säit néng, am Basisdokument op der Säit 21: « Les États membres prennent les mesures nécessaires pour », an dann deen zweeten Alinea, « dispenser le consommateur de toute contre-prestation en cas de fourniture non-demandée, l'absence de réponse ne valant pas consentement. » Dat heescht mir hunn à l'identique dat ëmgesat wat an der Direktiv steet. Mir kënnen och näischt anescht maachen.

Et kann ee mat der Fraktioun vum ADR bedaueren, dass deen Text esou libelléiert ass, mä et ass eben de Konsens deen um europäeschen Niveau ausgeschafft ginn ass, a mir si gehale fir d'Direktiv genauestens ëmzesetzen.

Här President, ech mengen dass ech domadder op déi eenzel Remarken agaange sinn. Ech soen der Chamber merci fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Text.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4781 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 14 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo iwwert dee virleiende Gesetzesprojet of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4781 ass eestëmmeg mat 57 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jean-Paul Rippinger), Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel (par M. Théo Stendebach), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4789, en Ofkommes mat Korea a mat Indien iwwert de Flugverkéier. Et si schonn agedroen: den Här Jung, d'Madame Delvaux an den Här Greisen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

## 3. 4789 - Projet de loi portant approbation

## - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Corée relatif au transport aérien, signé à Luxembourg, le 27 septembre 2000;

## - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'Inde relatif au transport aérien, signé à New Delhi, le 8 janvier 2001

***Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports***

M. John Schummer *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4789 betrëfft en Accord aérien zwëschent a) der Lëtzebuerger Regierung an der koreanescher Regierung a b) zwëschent der Lëtzebuerger Regierung an der indescher Regierung.

Deen éischten Accord ass de 27. September 2000 zu Lëtzebuerg ënnerzeechent ginn an deen zweeten Accord den 8. Januar 2001 zu New Delhi an Indien. Dëse Projet 4789 gouf vun der Madame Ausseminister den 2. Abrëll 2001 déposéiert an de Conseil d'Etat huet säin Avis den 29. Januar 2002 zu dësem Projet ginn. Den 9. Oktober 2002 huet d'Kommissioun vum Transport meng Wéinegkeet als Rapporteur vun dësem Projet désignéiert. Bei Geleeënheet vun dëser Sëtzung goufen de Projet an den Avis vum Conseil d'Etat examinéiert an de Rapport gouf de 4. Mäerz 2003 ugeholl.

Et geet an dësem Projet, wéi aganks gesot, ëm zwee bilateral Loftfaartofkommessen, déi sech an eng Rei vun ähnlechen Accorden, déi fréier scho vun anere Regierungen ofgeschloss gi sinn, areien. D'Kommissioun notéiert, dass dës Accorden d'Confirmatioun vun der Regierungspolitik sinn, déi als Objektiv huet eise Loftfaartgesellschaften Zukunftsperspektiven opzemaachen an hinnen esou vill wéi méiglech Rechter ze verschafen.

Bilateral Ofkommesse wéi déi hei sinn indispensabel a bilden d'Base juridique fir d'Ouverture vu regelméissegen neie Fluglinnen. D'Ofschléisse vun esou bilateralen Accords aériens erlaabt et der Regierung hire Portefeuille ze stäerken am Hibléck op zukünfteg multilateral Accorden.

Déi europäesch Politik, wat d'Libéralisatioun vum Lofttransport ugeet, steiert ëmmer méi op Relatiounen zwëschent der Europäescher Unioun an Drëttlänner hin. Dës bilateral Accorde sinn also en Acquis wat zukünfteg Kompetenztransferte bei europäesch Organer betrëfft. Et muss een an dësem Zesummenhang déi aacht Arrêtéë vun der Cour de justice européenne vum 5. November 2002 zitéieren. Hei geet Rieds, an ech zitéieren: « Les Etats membres perdent leur droit d'assumer des obligations avec les pays tiers au fur et à mesure que les règles communes qui pourraient être touchées par ces obligations voient le jour. » D'Kommissioun hëlt Akt vun dësem Jugement.

Si hëlt trotzdeem zur Kenntnis wat den Exposé des motifs betreffend déi europäesch Libéralisatiounspolitik seet an ech zitéieren och hei: « Ce dossier est depuis quelque temps à l'étude auprès des services communautaires, l'objectif étant la recherche d'une solution par laquelle la négociation communautaire obtiendrait un meilleur résultat que la somme des négociations bilatérales éventuelles. Le moins qu'on puisse dire à ce stade est que l'approche choisie ne fait pas encore l'unanimité des Etats membres de l'Union européenne. Globalement les avis sont effectivement partagés sur les éventuels avantages et désavantages découlant tant de l'idée même d'une négociation communautaire future que de l'approche pratique à adopter quant à la procédure de négociation proprement dite. »

De Ministeschconseil Transport vun der Europäescher Unioun huet bei Geleeënheet vu senger Réuniouun vum 5. a vum 6. Dezember 2002 décidéiert - an och hei zitéieren ech -: « Qu'une modification de la politique nationale serait prématurée à l'heure actuelle. » Deemno huet eis Transportkommissioun keng Objectioun gesinn, dass d'Chamber dëse Projet adoptéiere kënnt. De Conseil d'Etat huet, wéi gesot, den 29. Januar 2002 säin Accord ginn, mat e puer Remarken, entre autres datt eng Augmentatioun vum Trafic aérien mat Nuisancë kënnt verbonne sinn.

D'Kommissioun referéiert sech hei op déi Estimatioune wat den Trafic aérien betrëfft, déi bei Geleeënheet vum Projet de loi iwwert d'Police an d'Exploitatioun vum Flughafen, dem Bau vun enger Aérogare an der Kommodo-Inkommodo Prozedur bis 2012 gemaach gi sinn. All Detailer sinn am schréftleche Rapport heizou nozeliesen.

An der Hoffnung dass dëse Projet e largen Accord fënnt, géif ech lech merci soe fir d'Nolauschteren an ech bréngen den Accord zu dësem Projet vun der DP-Fraktioun.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Ady Jung agedroen. Den Här Jung huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Ady Jung *(CSV).*- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, wat de Projet de loi 4789 ubelaangt, deen zwee Accorde betrëfft déi d'Lëtzebuerger Regierung engersäits mat der Regierung vun der Republik Korea, anerersäits mat der Regierung vun Indien getraff huet, esou brauch ech net méi op Eenzelheeten anzegoen, well de Rapporteur John Schummer dat op eng excellent Aart a Weis gemaach huet.

Une voix.- Très bien.

M. Ady Jung *(CSV).*- Ech wëll just ënnersträichen, Här President, datt esou bilateral Ofkommesse Viraussetzung si fir datt déi Fluggesellschaften, déi hei a Lëtzebuerg agréëiert sinn, regelméisseg Relatioune mat dëse Länner kënnen ënnerhalen an hir Déngschtleeschtungen do ubidde kënnen.

Et ass och besonnesch wichteg datt dës international Accordë getraff sinn éier déi Europäesch Unioun d'Kompetenze fir den internationale Flugverkéier iwwerhëlt. Duerno gëtt et mat Sécherheet méi schwéier, partikular Interesse fir Lëtzebuerg duerchzesetzen.

Niewebäi sief bemierkt, datt esou Accorden eise Fluggesellschaften, besonnesch deenen déi sech mam Frachtverkéier ofginn, méi Méiglechkeete bidde fir Transportopträg ze erleedegen, déi net onbedéngt iwwer Lëtzebuerg transitéiere mussen. Domat gëtt d'Rentabilitéit vun dëse Gesellschafte gehuewen, ouni dass doduerch de Findel a säin Ëmfeld méi belaascht gëtt.

Dëst gesot iwwerbréngen ech den Accord vun der CSV zum Projet de loi 4789 a soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Déi nächst Riednerin ass d'Madame Mady Delvaux.

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP).*- Merci, Här President. Et ass bal net derwäert de Mikro unzemaachen. Ech wollt den Accord vun der sozialisteschter Fraktioun zu dësem Projet ginn.

M. le Président.- Den Här Fernand Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci all deenen déi um Projet matgeschafft hunn. Mat dëse verschiddenen internationalen Ofkommen am Beräich vun de Lofttransporter soll d'Cargolux weider Landerechter, dat heescht weider Geschäfter geséchert kréien.

Am Text steet awer och, dass eise Findel domat seng Bedeitung als international Plattform fir Passagéier a Frachtverkéier stäerke kann. Dergéint huet den Transportminister an der Kommissioun gesot, dëst géif keen iwwerméissege Wuesstum um Findel mat sech bréngen, well d'Cargolux d'Méiglechkeet kritt tëschent Drëttlänner Fracht ze transportéieren. Bei den Debatten zum Ausbau vun der Aérogare hu mir schonn drop higewisen, dass e weideren Ausbau vun den Transportaktivitéite vun der Fracht um Findel an eisen Aen net noutwenneg ass.

De Statsrot weist a sengem Avis zu de Projeten och op d'Méiglechkeet hi vun enger verstäerkter Belaaschtung fir d'Awunner ronderëm de Findel. A wann et och richteg ass, dass verschidden technesch an administrativ Moossnamen dozou bäidroe kënnen dës Belaaschtung erof ze setzen, esou ass et falsch wann den Transportminister mengt hien hätt et fäerdeg bruecht d'Belaaschtunge fir d'Leit gewalteg ze reduzéieren.

Dat steet esou am Bericht vun der Kommissioun an dat war och de Grond firwat ech mech zu dësem Bericht enthalen hunn. Den ADR wäert dësem Projet awer trotz deene Bedenke seng Zoustëmmung ginn a mat Jo stëmmen.

Mir géifen et wichteg fannen, wann den zoustännegen Transportminister hei nach eng Kéier géif bestätegen, dass keng weider Frachttransporter um Findel ausgebaut ginn, esou wéi en dat an der Kommissioun gesot huet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss an d'Wuert huet den Här Transportminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Merci, Här President. Eigentlech hätt ech mech kënne kuerz faassen, well sämtlech Fraktioune jo hiren Accord zu dësen Texter bréngen.

D'Interventioun vum honorablen Här Greisen, Här President, verlaangt awer, dass ech kuerz op déi aginn. Dat eent ass fir der Chamber ze soen, dass ech en Engagement op dëser Tribün geholl hu fir d'Nuetsvolen esou wäit wéi méiglech anzeschränken, an am Rapport d'activité vum Ministère des Transports wäert Der och gesinn dass am Joer 2002 d'Zuel vun den Nuetsvolë sensiblement zréckgaangen ass par rapport zu deene Jore virdrun. Dir wësst och, an d'Press huet dat relatéiert, d'Statistike fänken elo un eraus ze kommen. D'Zuel vun de Passagéier um Flughafe Findel ass och zréckgaangen. Dat huet domadder ze dinn, dass eng Rei auslännesch Gesellschaften de Findel net méi ufléien. D'Zuel vun de Passagéier vun der Luxair ass wuel an d'Luucht gaangen, mä insgesamt ass d'Passagéierzuel liicht réckgängeg.

Wat de Fret ugeet, esou huet de Fret déi Evolutioun déi mir virausgesinn hunn. Dat heescht, dass do d'Tendenz nach liicht steigend ass. Ech wëll awer ënnersträichen, dass d'Négociatioun vun dësen Accorden haaptsächlech d'Ambitioun huet fir eise Portefeuille vun Accorden ze étoffëieren, fir der nationaler Gesellschaft Cargolux méi Méiglechkeeten ze ginn, a ganz besonnesch och méi Méiglechkeeten ze gi wat hiren Développement am Ausland ugeet, wat hir Méiglechkeete vu Cabotage ugeet. Dat heescht, dass ee vun engem Punkt op deen aneren, ouni Lëtzebuerg unzefléien, ka Wueren transportéieren. Dat ass desto méi wichteg, well mer jo elo en Uerteel hu vum europäesche Geriichtshaff, op Initiativ vun der Kommissioun, wat d'Rechter vun de Länner, wat d'Négociatioun vun Accords aériens ugeet, liicht aschränkt. Mir sinn amgaangen um europäeschen Niveau, um Niveau vum Conseil, ze kucke wat fir eng Konsequenze mer aus deem Uerteel ze zéien hunn. Ech wëll lech net verheemlechen, dass d'Meenung, d'Usiichte vun de Memberlänner par rapport zur Kommissioun, hir Interpretatioun vun deem Uerteel total divergéieren, dass et nach laang Zäit wäert brauche bis mer do op e gemeinsamen Nenner kommen.

Mir hunn op alle Fall als Land Intérêt, dass mer esou wäit wéi méiglech kënne fir eis selwer verhandelen an dass mer net brauchen, mat haut deene 14 aneren a muer zu 25, Accords aériens mat Drëttlänner négociéieren. Esou Négociatioune ginn net onbedéngt am Intérêt vun der Lëtzebuerger Ekonomie aus.

Merci, Här President.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet de loi si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4789 ass unanime mat 57 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Théo Stendebach), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Mars Di Bartolomeo), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4833, en Ofkommes mat Hong Kong, mam Nepal a mat de Vereenegte State vun Amerika iwwert d'Services aériens. D'Riedezäit ass och nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Jung a Greisen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

## 4. 4833 - Projet de loi portant approbation

- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la Région Administrative spéciale de Hong Kong de la République Populaire de Chine relatif aux services aériens, signé à Hong Kong, le 3 juin 1998;

- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de Népal relatif aux services aériens signé à Luxembourg, le 18 juin 1999;

- de l'Accord sous forme d'échange de lettres des 13 et 21 juillet 1998 entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement des Etats-Unis d'Amérique amendant l'Accord relatif aux services aériens, signé à Luxembourg, le 19 août 1986, tel qu'il a été amendé par Accord sous forme d'échange de lettres du 6 juin 1995

***Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports***

M. John Schummer *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4833 ass similaire zum Projet de loi 4789. E betrëfft och en Accord aérien, an zwar tëschent der Lëtzebuerger Regierung an 1. der administrativer Regioun vun Hong Kong vun der Volleksrepublik China, deen zu Hong Kong den 3. Juni 1998 ënnerzeechent ginn ass; 2. der Regierung vum Kinnekräich Nepal, deen den 18. Juni 1999 zu Lëtzebuerg ënnerschriwwe gouf; an 3. der Regierung vun de Vereenegte State vun Amerika, deen duerch Bréifwiessel vum 13. an 21. Juni 1998 zustane koum an deen den Accord vum 19. August 1986 an den Accord vum 6. Juni 1995 amendéiert.

Dëse Projet gouf den 21. August 2001 vun der Madame Ausseminister déposéiert an de Conseil d'Etat huet säin Avis den 19. Juni 2001 zu dësem Projet ginn.

Den 9. Oktober 2002 huet d'Kommissioun vum Transport mech als Rapporteur désignéiert an huet och an däerselwechter Sitzung de Projet de loi an den Avis vum Conseil d'Etat examinéiert. Et geet och hei erëm, grad ewéi virdrun, ëm dräi bilateral Accordë wat de Loftverkéier betrëfft. Och dës Accordë reie sech an d'Kontinuitéit vu fréieren Accorden an, déi déi sukzessiv Regierungen ofgeschloss hu fir eiser Loftfaart déi néideg Expansiounsméiglechkeet ze garantéieren.

Duerch dës Accordë kann zum Beispill d'Cargolux méi Business, respektiv méi Chiffre d'affaires maachen, ouni awer forcément méi Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg ze entwéckelen.

Och bei dësem Projet kommen ech als Rapporteur net derlaanscht fir op déi aacht Arrêtë vun der Cour de Justice européenne hinzeweisen an déi Kommentären ze maachen, déi ech beim viregte Projet och zitéiert hunn.

Ervirzesträiche bleift nach, dass de Flughafe vun Hong Kong ee vun deene wichtegsten ass aus dem Raum Extrême-Orient an dass dësen Accord et eiser Cargolux erlabe wäert weider Développementer virzehuelen a weider ze wuessen.

De Conseil d'Etat mécht a sengem Avis op de Caractère international vun eisem Flughafen opmierksam an approuvéiert och dëse Projet.

Ech géing dofir, wéi bei deene Projete virdrun, d'Chamber bieden hir Zoustëmmung ze ginn an ech bréngen à la même occasion d'Zoustëmmung vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Ady Jung agedroen. Den Här Jung huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Ady Jung *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat de Projet de loi 4833 ubelaangt, deen dräi Accordë betrëfft, déi d'Lëtzebuerger Regierung engersäits mat der Regierung vun der Regioun Hong Kong vun der Republik China, anersäits mat der Regierung vum Kinnekräich Nepal an och mat där vun de Vereenegte State vun Amerika getraff huet, esou brauch ech och hei net méi op d'Eenzelheeten anzegoen, well de Rapporteur John Schummer dat elo just op eng excellent Aart a Weis gemaach huet. Him sief merci gesot fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Et gëllen hei déiselwecht Argumenter wéi beim Projet 4789 an dofir iwwerbréngen ech och heizou den Accord vun der CSV zu dësem Gesetzesvirschlag.

Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Fernand Greisen.

M. Fernand Greisen *(ADR).*- Här President, wat ech zum viregte Projet gesot hu gëllt och fir deen hei. Den ADR wäert dëse Projet matstëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Transportminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Här President, ech soen der Chamber merci fir déi breet Zoustëmmung.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Gesetzprojet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet de loi si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4833 ass unanime mat 57 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Ady Jung), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Paul-Henri Meyers);*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Marco Schroell), Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4904, eng Konventioun iwwert d'Schlichtungsverfahren innerhalb vun de Länner vun der KSZE. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Rippinger an Henckes. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorablen Här Ben Fayot.



## 5. 4904 - Projet de loi portant approbation

- de la Convention relative à la conciliation et à l'arbitrage au sein de la CSCE, faite à Stockholm, le 15 décembre 1992

- du Protocole financier établi conformément à l'article 13 de la Convention relative à la conciliation et à l'arbitrage au sein de la CSCE, adopté à Prague, le 28 avril 1993

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense***

M. Ben Fayot *(LSAP), rapporteur.*- Här President, 1975, also nach zu der Zäit vun deenen zwee groussen antagonistesche Bléck an Europa, huet d'Konferenz vun Helsinki zréckbehalen, dass d'europäesch Länner hir Konflikter an Zukunft mat friddleche Mëttele sollte léisen. Dat ass ee vun deenen zéng Prinzipien, déi deemools vun der CSCE, der Conférence pour la Sécurité et la Coopération en Europe, déi jo eng wichteg Roll an der Liberaliséierung vun de Länner am Sowjeträich gespillt huet, zréckbehale gouf. Déi CSCE ass 1995 zur OSCE ginn, dat heescht zur Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe.

Besonnesch nom Enn vun der Zweedeelung vun Europa, 1989 also, ass d'Iddi opkomm fir en Instrument an där OSCE ze schafe fir Konflikter duerch Vermëttlung a Schlichtung am Virfeld ze verhënneren.

D'Konferenz vun Helsinki huet am Juli 1992 e franséisch-däitsche Projet vun enger Konventioun ugeholl fir esou en Instrument an d'Liewen ze ruffen. Schonns am Dezember 1992 haten 29 Länner an och Lëtzebuerg déi Konventioun ënnerschriwwen. Bis haut sinn dat insgesamt 33 Staten. Am November 2001 haten 32 Staten déi Konventioun ratifiéiert an d'Konventioun ass iwwregens de 5. Dezember 1994 a Kraaft getratt.

Elo kann een d'Fro stelle firwat mer eng zousätzlech juridictionnel Instanz an Europa brauchen, mat där Particularitéit, dass se eben der Conciliatioun an dem Arbitrage consacréiert ass. Et gëtt jo bekanntlech eng ganz Partie vun esou Instanzen an Europa, vun deenen allerdéngs keen eenzegt esou en Instrument fir Conciliatioun an Arbitrage ass.

Et gëtt den europäesche Geriichtshaff zu Lëtzebuerg, deem seng Kompetenz op déi Europäesch Unioun limitéiert ass. D'Cour vu Stroossbuerg betrëfft d'Länner vum Europarot. Nach net all d'Länner vum Europarot hunn iwwregens déi europäesch Mënscherechtskonventioun ratifiéiert. Et gëtt och en internationale Geriichtshaff zu La Haye, dee fir d'ganz Welt zoustänneg ass a vun der UNO ofhänkt an iwwregens och eng extrem komplex Prozedur huet. Dat ass also kee flexibelt Instrument wat ee kéint asetze fir schnell an ouni Ophiewes Konflikter am Virfeld ze léisen, ouni juristesch Prozesser, mä am Virfeld duerch d'Schlichtung.

Et gëtt iwwregens an Europa - dat muss een och hei rappeléieren - eng Partie Instrumenter vu Vermëttlung an Arbitrage, déi eigentlech nach ni fonctionnéiert hunn. Esou gëtt et eng Cour permanente d'arbitrage, déi 1907 zu La Haye geschafe gouf. Mä d'Ursaach firwat dass dës Instanz sech eigentlech net konnt duerchsetzen, war well se sech am Fong geholl ni an de Kader vun enger internationaler Organisatioun ageschriwwen huet. Si huet duerfir ni eng Chance gehat. Och d'Konventioun vum Europarot vun 1957 iwwert d'Conciliatioun an den Arbitrage huet sech net imposéiert.

Déi Juridictioun, déi Cour fir Conciliatioun an Arbitrage vun där mer haut schwätzen, ass en fait eng feststehend Institutioun. Et soll allerdéngs verhënnert ginn, dat ass och kloer deemools gesot ginn, dass en neit permanent Geriicht mat deiere Strukture geschaf géif. Et handelt sech also net ëm en Organ vun der OSZE, mä ëm eng Institutioun déi direkt vun de Länner vun der OSZE geschaf a bezuelt gëtt. En fait ass dat Geriicht weider näischt wéi eng Lëscht vu Perséinlechkeeten aus alle Länner aus deenen d'Membrë vun der Vermëttlungskommissioun respektiv den Tribunaux arbitraux gewielt solle ginn, wa se gebraucht ginn. Doriwwer steet e Büro vu fënnef Leit. De President vun deem Büro ass den Här Robert Badinter, deen iwwregens och eng grouss Roll bei der Gebuert vun där Juridictioun do gespillt huet.

Ech ginn elo net op déi technesch Detailer vun der Konventioun an. Et muss een allerdéngs dobäi soen, dass déi Cour, an deenen aacht Joer wou se besteet, eigentlech nach keng Affär hat. Et gouf iwwregens schonn eng Kéier vun engem amerikaneschen Deputéierten an der Assemblée vun der OSZE proposéiert déi Cour ofzeschafen. Dee Virschlag ass net op Géigeléift an der Versammlung gestouss an dofir ass en och zréckgezu ginn. Et kann ee sech also Froe stellen iwwert d'Utilitéit vun esou engem Organ. Et muss een allerdéngs och rappeléieren, dass all international Tribunäl eng Zäit gebraucht hu fir unzekommen. Mat der Ratifizéierung vun dëser Konventioun soll déi Lëtzebuerger Chamber also déi Cour vun der OSZE kloer an däitlech no baussen ënnerstëtzen.

De Statsrot huet zwou Froen am Zesummenhang mat där Cour gestallt. Déi eng Fro war, ob déi Konventioun net misst no onser spezifescher Prozedur vun der Verfassungsännerung adoptéiert ginn. De Statsrot kënnt awer zur Konklusioun, dass dat net noutwendeg ass, dass mer also kënnen iwwert den normale Wee hei ofstëmmen.

***(Interruption)***

Déi zweet Remarque, déi de Statsrot gemaach huet, war, dass keng Indicatioun iwwert déi finanziell Bedeelegung dobäi war. Mir krute vum Ausseministère gesot, dass de Budget vun der Cour am Joer 2001 - méi rezent Informatiounen hunn ech op jidde Fall net - 60.000 Schwäizer Frang héich war. Dovunner dréit Lëtzebuerg no dem internationale Schlëssel 0,55%. Dat sinn ongefëier 300 Euro. Dat ass also de Präis dee mer fir dee Büro bezuelen a fir déi Existenz vun där Cour.

Här President, dat waren déi puer Informatiounen an déi puer Indicatiounen, déi ech wollt iwwert dës Konventioun ginn. Ech géif d'Chamber biede se unzehuelen. Ech wëll zugläich soen, dass meng Fraktioun dës Konventioun mat droe wäert.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Marcel Glesener.

***Discussion générale***

M. Marcel Glesener *(CSV).*- Merci, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den detailléierten a prezisen Ausféierunge vun eisem Kolleeg Ben Fayot ass mat Sécherheet näischt bäizefügen. Mir soen him merci fir seng Aarbecht a fir säi prezise Rapport. Ech ginn domat d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zum Gesetzesprojet.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech weess am Fong geholl net wat fir e Gefill a mir soll virherrschen, ob et enger-

säits déi grouss Dialogbereetschaft vun dëser Regierung ass, déi et erlaabt dass ee vun der Oppositioun…

***(Interruption)***

Ebe just!

…dass en Deputéierte vun der Oppositioun e Rapport fir d'Regierung mécht, oder ob d'Oppositioun elo schonn esou wäit der Regierung entgéint kënnt, dass se net nëmmen d'Projete stëmmt, mä och nach de Rapporteur stellt.

***(Hilarité et interruptions)***

Gesidd Der, Här Di Bartolomeo, et ass genau an deem Sënn wou ech schwätzen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Do gesidd Der awer! Ech mengen, et ass éischter d'Dialogbereetschaft vun dëser Regierung. Ech si ganz besonnesch frou dass de Rapporteur alles dat, wat d'Regierung hei virgeschloen huet, approuvéiert huet an dat och esou virbruecht huet wéi kee vun eis et hätt kënne besser maachen. Ech kann him also nëmmen duerfir merci soen an och d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech soen dem Här Rippinger merci fir déi Komplimenter, mä ech muss awer soen, dass mer éischtens emol an der aussepolitescher Kommissioun eng ganz Partie Konventiounen hunn an dass vun dem President vun der Kommissioun keng Oppositioun do war, fir dass en Deputéierte vun der Oppositioun esou e Rapport maache sollt. Dat zweet ass, dass mer jo hei net fir d'Regierung schaffen, mä mir schaffe fir d'Chamber.

***(Interruption et hilarité)***

Et ass - dat muss ech iwwregens soen - a ville Parlamenter uechtert d'Welt gang und gäbe, dass d'Oppositioun, souwuel wat d'Presidentschaft vu Kommissioune wéi och wat Rapporte fir wichteg Projeten ugeet, agespaant an agesat gëtt. Déi am Fong geholl onheilsam komplett Trennung zwëschent Majoritéit an Oppositioun, wat déi legislativ Aarbecht ugeet, wéi se bei ons an der Chamber herrscht, solle mer emol eng Kéier wierklech op de Leescht huelen a kucken ob dat an Zukunft och nach esou soll gemaach ginn.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Dat gëllt och fir déi 15 Joer virdrun, Här Fayot.

***(Brouhaha général)***

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här Mehlen, ech mengen, ech hunn hei eng prinzipiell Ausféierung gemaach. Dat gëllt selbstverständlech fir all Regierung a fir all Majoritéit a fir all Oppositioun. Dat ass meng Iwwerzeegung.

M. le Président.- Den Här Fayot huet Recht. D'Deputéierte sinn net d'Waasserdréier vun der Regierung. D'Deputéierte sinn déi gesetzgebend Versammlung a si hunn am Interesse vum Vollek zesummenzeschaffen.

***(Brouhaha général)***

Elo fuere mer da weider. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, ech si ganz frou dass mer déi Konventioun, déi datéiert vun 1992, elo mat der üblecher Rapiditéit vun der Regierung kënnen an ons Gesetzgebung afeieren, zéng Joer duerno. Ech wëll dem Rapporteur, dem Här Fayot, félicitéieren an him soen dass mir mat senger Appréciatioun, dass d'Oppositioun heiansdo soll de Rapporteur zu verschiddene Gesetzgebunge stellen, voll a ganz averstane sinn. Dat gesot wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Minister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Här President, ech wollt fir d'éischt meng Kolleegin d'Madame Polfer entschëllegen, déi net wosst dass de Moien d'Chamber géif zesumme kommen an déi haut de Moien am Ausland ass.

***(Brouhaha général)***

Si bedauert dass se bei dësem historesche Moment net konnt dobäi sinn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Si misst eigentlech ëmmer à la disposition de la Chambre sinn.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Här President, den Här Di Bartolomeo mengt dass d'Regierung ëmmer sollt à la disposition de la Chambre sinn. Duerfir ass d'Regierung jo och vertrueden a si ass déck vertruede wéi Der dat…

***(Hilarité)***

…kënnt feststellen.

***(Brouhaha général)***

Ech wollt der Chamber merci soe fir déi excellent Aarbecht, dass dëse Projet déi breet Zoustëmmung fënnt. Ech wollt Iech och félicitéieren, dass e Member vun der Oppositioun bereet war de Rapport zu dësem Text ze maachen. Ech fannen et effektiv - an dat a mengem perséinlechen Numm, well ech 15 Joer laang déi Chance net hat fir kënnen e Rapport ze maachen - déi normaalste Saach vun der Welt, dass bei Projeten, besonnesch bei Projeten déi déi breet Zoustëmmung fannen, och Membere vun der Oppositioun méi enk an déi legislativ Aarbecht mat agebonne sinn, a wéi Dir, Här President, gesot hutt, d'Chamber ass net am Déngscht vun der Regierung. D'Chamber steet am Déngscht vum Land, an duerfir ass et eng absolut normal Saach.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4904 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4904 ass eestëmmeg ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Ady Jung), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. Jean-Paul Rippinger), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Moien ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtteg a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 10.28 heures)***

## Sommaire des séances publiques


Dépôt d'un projet de loi page 415

Hommage à la mémoire de Monsieur Pol Wagener, député honoraire page 415

Communications page 415

Retrait du rôle du projet de loi 3170 portant modification de la loi du 20 juillet 1869 sur la presse page 415

Ordre du jour page 415

Vérification des pouvoirs et prestation de serment de M. Marcel Sauber pages 415-416

Nomination d'un Vice-Président de la Chambre des Députés page 416

Composition des délégations auprès des assemblées internationales et des commissions parlementaires page 416

5050 - Débat d'orientation "La situation économique et sociale des femmes" pages 416-429

Communication page 429

Interpellation de M. Marc Zanussi sur l'élaboration d'un plan sectoriel Transport pour le Bassin minier pages 429-441

Dépôt d'une proposition de loi page 432

Communication page 441

4934 - Débat d'orientation sur la médecine palliative, l'acharnement thérapeutique et l'euthanasie pages 441-455

Communications page 455

4781 - Projet de loi concernant la protection des consommateurs en matière de contrats à distance et abrogeant l'article 7 de la loi modifiée du 25 août 1983 relative à la protection juridique du consommateur pages 455-459

4789 - Projet de loi portant approbation - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Corée relatif au transport aérien, signé à Luxembourg, le 27 septembre 2000; - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'Inde relatif au transport aérien, signé à New Delhi, le 8 janvier 2001 pages 459-460

4833 - Projet de loi portant approbation

- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la Région Administrative spéciale de Hong Kong de la République Populaire de Chine relatif aux services aériens, signé à Hong Kong, le 3 juin 1998;

- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de Népal relatif aux services aériens signé à Luxembourg, le 18 juin 1999; - de l'Accord sous forme d'échange de lettres des 13 et 21 juillet 1998 entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement des Etats-Unis d'Amérique amendant l'Accord relatif aux services aériens, signé à Luxembourg, le 19 août 1986, tel qu'il a été amendé par Accord sous forme d'échange de lettres du 6 juin 1995 page 460

4904 - Projet de loi portant approbation

- de la Convention relative à la conciliation et à l'arbitrage au sein de la CSCE, faite à Stockholm, le 15 décembre 1992

**M. Nico Loes** *(CSV).*- Dir hutt de Maulkuerf ukritt, Här Rippinger.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Dat ass fir op e Maximum beim zivile Personal eropzesetzen an eventuell eppes ze maachen an der Carrière vum Brigadier. Wann dat déi eenzeg grouss Ännerunge sinn, déi vun der Regierung mat Bedeelegung vun der Demokratescher Partei virgeschloe ginn, da muss ech feststellen, dass d'DP vill Kräid huet misse friessen zënter 1999.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Den Här Rippinger huet Riedeverbuet kritt.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Mir hunn och, Här President, an deene leschten dräi, véier Joer keng Pressekonferenz méi kannt vun der Demokratescher Partei, a besonnesch vun hirer Presidentin, iwwert d'Entwécklung vun der Kriminalitéit hei zu Lëtzebuerg. Während ville Joren hate mer esou eng Pressekonferenz. D'statistescht Material huet sech awer net grondleeënd geännert an deene leschte Joren. Den Här Minister huet eis schonn e bëssen drop preparéiert, dass wahrscheinlech am Joer 2002 d'statistesch Erhiewungen…

***(Interruption)***

Ech weess wat se bedeiten. D'Madame Polfer huet dat ni verstanen.

**M. Emile Calmes** *(DP).*- Liest mol Är Motioun, Här Rippinger.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Haalt dach op mat deenen Zwëscheriff, d'Wuert huet den Här Bodry.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- D'statistesch Erhierwungen, déi d'Polizei gemaach huet fir 2002, déi eigentlech elo awer misste virleien, weise wahrscheinlech éischter eng Augmentatioun vun deenen erhuewene Strofdoten zu Lëtzebuerg aus, also keng Reduktioun par rapport zum Enn vun der leschter Legislaturperiod, wou deemools d'Demokratesch Partei - net nëmmen den Här Rippinger, och d'Madame Polfer besonnesch - ëmmer vun enger Noutsituatioun geschwat huet an där mer hei zu Lëtzebuerg wären. An der Tëschenzäit huet d'DP an hir Presidentin d'Sprooch verluer an där doten Hisiicht.

D'Demokratesch Partei huet sech besonnesch an där Kritik ervirgedunn, an dofir muss ech mech e bësse méi laang hei ophalen. D'Demokratesch Partei huet net nëmme Bedenke geäussert - Bedenken ass e liicht Wuert - wat d'Organisatioun ugeet, mä si huet och fonnt dass ee misst rechtsstaatlech Bedenken äusseren iwwert déi heite Reform. Dat huet gegipfelt an der Ausso vum mandatéierte Spriecher vun deemools: „Mir wëlle kee Polizeistat hei zu Lëtzebuerg". Wéi wann déi heite Reform duerch Mangel u Kontroll kënnt dozou féieren, an et ass geschwat ginn, hei géif e Stat am Stat entstoen. Just de Contraire gëtt gewisen an deene leschten dräi Joer. Déi Aarbecht vun der Inspection générale ass eng gutt Aarbecht. Déi politesch Kontrollmechanismen an déi intern Kontrollmechanismen hu gutt fonctionnéiert an deene leschte Joren, an och do gëtt eigentlech de Grondakzent vun der Reform bestätegt duerch deen Tëschebilan, dee vun der Regierung hei presentéiert gëtt. An och do leien all déi Leit falsch, déi gemengt hu si missten den Däiwel un d'Wand molen e puer Woche virun de legislative Wahlen.

***(Interruptions)***

Wann Der nach potert, dann huelen ech eng Schlupp.

De Minister huet mat Recht, mengen ech, op déi budgetaire Efforten higewisen, déi zënter 1999 vun dëser Regierung gemaach si ginn. Ech hunn dorun näischt auszesetzen, wëll awer fairerweis drop hiweisen dass och an der leschter Period, wuel ënner anere Viraussetzungen, vun 1994 bis 1999, insgesamt 100 zousätzlech Poste geschafe si gi fir Polizei a Gendarmerie. Während där Zäit 1994 bis 1999 ass de Budget fir Polizei a Gendarmerie vun 2,24 Milliarden op 2,96 Milliarden eropgaangen. Dat ass eng Steigerung vun ëmmerhin 33%, méi wéi de Gesamtbudget während där Zäitperiod eropgaangen ass.

Et ass selbstverständlech, dass mat der Fusioun, mat der Zilsetzung déi ee sech gëtt a mat der Noutwendegkeet och fir all Servicer un d'Dréien ze kréien, deen dote Prozess beschleunegt ginn ass an dass dobäi och selbstverständlech eng Rei vu relativ schwéiere Faits divers, wéi Bankiwerfäll, wéi d'Geiselnahm zu Waasserbëlleg, wéi den Iwwerfall op Geldtransporter dozou bäigedroen hunn, dass verschidde Lacunë festgestallt si ginn, an da rutscht et normalerweis och relativ gutt op politeschem Plang, wann zousätzlecht Material soll ugeschaaft ginn. Ech mengen, een deen e bësse méi laang dobäi ass, dee weess ongeféier wéi déi doten Décisiounsprozesser lafen, an et war an dëser Period net anescht wéi emol an anere Regierungsperioden op deem dote Punkt.

Mä wichteg bleift, och wann eventuell während enger gewësser Zäit elo méi Enkpasssituatioune sech kënnen am Budget vum Stat presentéieren, dass dee ganze Froekomplex ronderëm d'Polizei, ronderëm d'Justiz, ronderëm d'Sécherheet eng absolut Prioritéit bleift, dass do ëmmer erëm weider Mëttele mussen zur Verfügung gestallt ginn, well et einfach eng grouss politesch, gemeinsam Prioritéit ass. De Bilan, deen hei virgeluecht ginn ass, bréngt keng Noutwendegkeet fir eng fundamental Réorientéierung vun der 99er Reform ze maachen. Et sinn éischter e puer punktuell Adaptatiounen, déi ee kann an d'A faassen, mä wou och keng absolut Urgence besteet, dat elo a ganz kuerzer Zäit iwwert de Knéi ze briechen.

Ech wëll just am Telegrammstil op e puer Punkten agoen, wou ech mengen dass een dat misst besonnesch ervirhiewen. A puncto Infrastrukture wëll ech haaptsächlech insistéieren op den Ëmbau an d'Moderniséierung vun der Polizeischoul um Verluerekascht. Déi ganz Formatioun ass e schrecklech wichtege Punkt an där ganzer Reform gewiescht an dat däerf net scheiteren oder verzögert ginn doduercher, dass eigentlech déi néideg Infrastruktur net schnell genuch zur Verfügung steet fir dat kënnen ze maachen. Et wier och wichteg, wann een déi Police judiciaire, zumools wa se elo ausgebaut gëtt, regruppéiert behält op enger Plaz. Och wa vläicht dee grousse Projet vun der Cité policiaire e bësse méi no hanne réckelt, sollt dat een net dovunner ofhalen, fir elo direkt déi néideg Investissementer an deenen dote Beräicher virzehuelen.

**M. Michel Wolter,** *Ministre de l'Intérieur.*- Ech wollt lech als Informatioun soen, dass ech mat mengem Kolleeg Luc Frieden um Punkt si fir der Police judiciaire en neit Gebai zur Verfügung ze stellen. Et ass nach eng Affär vun e puer Wochen, ier mer déi definitiv Décisioun huelen, well mer d'Wichtegkeet gesi fir de Betrib beiëneen ze halen a well mer och wëssen, dass de Bau vun der Cité policiaire eng Affär ass vun aacht bis zéng Joer, esou wéi mir zu Lëtzebuerg fonctionnéieren, an dass mer dee Servcie awer net esou laang kënnen op déi Aart a Weis weider fonctionnéiere loossen, wéi en haut fonctionnéiert.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Dann decke sech do eis Meenungen, wat eng gutt Saach ass.

Wichteg och ass d'Fro vun de Fourrièren, wou mer alleguerte wëssen, och déi Leit, déi Responsabilitéiten op lokalem Plang hunn, dass do en Noutstand ass an dass et wichteg ass also do zousätzlech Kapassitéiten ze schafen an dat och an engem regionalen Opbau virzegesinn.

Wat d'Strukturen ugeet, schéngt mer eng éischt Prioritéit ze sinn, wann elo zousätzlecht Personal déi nächst Jore kënnt, dass déi Reservëunitéit, déi mer virgesinn haten, als alleréischt opgestockt gëtt, well ech mengen dat bréngt och eng Entlaaschtung vun aneren Unitéiten, notamment bei der Proximitéit an der Stad Lëtzebuerg mat sech, déi da ganz oft fir spezial Missiounen erugezu ginn. Dat schéngt mer also ganz wesentlech ze sinn, wéi et och richteg a gutt ass, gemëiss dem Text vum Gesetz och dofir ze suergen, dass op regionalem Plang an alle Regiounen d'technesch Policespuresécherung ausgebaut gëtt. Dat ass eppes wat sech an der Praxis ganz gutt bewährt.

Wou mer e bësse lues virukommen, muss ech soen, dat ass bei eise lokale Sécherheetspläng, wou schonn 1998 eng Rei vu Pilotgemengen erausgesicht gi waren, wou mer an Diskussioune mat deene gaange sinn, fir eben an deenen eenzelne Géigende vum Land, an eenzelne gréisseren Uertschaften, esou lokal Sécherheetspläng auszeschaffen. Et ass just deen Diddelenger, dee praktesch elo am volle Lafen ass. Do ass e gewëssene Retard komm bei der Ëmsetzung vun der heiteger Reform an do wär et, mengen ech, awer wichteg, dass een do vun ënnen eropschafft, dass do wierklech eng absolut Prioritéit gesat gëtt an dass do am Fong accéléréiert gëtt par rapport zu deem Rhythmus, dee mer an deem dote Plang déi lescht Jore kannt hunn, wéi et och, mengen ech, wichteg ass, dass déi sougenannte sozialistesch Poterclib, wéi den Här Rippinger se 1999 genannt huet, dat heescht d'Comités de prévention an d'Comités de concertation op regionalem Plang fonctionnéieren, an ech ka soen, do wou ech et kann direkt beuerteelen zu Diddeleng, do fonctionnéiert dat ganz gutt, an et ass och esou, wann eng Gemeng bereet ass sech ze implizéieren, hunn ech festgestallt, dass och vu Säite vun der Police an och vum Parquet - déi sëtzen do ronderëm een Dësch - eng Bereetschaft ass fir matzeschaffen. Dann huet ee méi erreecht wéi am ale System virun 1999. Dofir ass dat doten och eng ganz wesentlech Fro.

Wat d'Formatioun ugeet, wëll ech nach eng Kéier insistéieren op d'Formation continue. Mir ass gesot ginn, dass déi bis elo nëmme regional organiséiert ass. Dat ass keng glécklech Léisung. Dat ass wahrscheinlech och e bëssen eng Noutléisung, eng transitoresch Léisung. Et ass wichteg dass och d'Formation continue kann elo national organiséiert ginn an och zentraliséiert kann duerchgefouert ginn, fir dass do d'Prioritéiten déiselwecht sinn an dass d'Inhalter och een op deen aneren ofgestëmmt sinn.

D'Brigadierscarrière stellt Problemer duer. Et muss ee vläicht e bëssen ofwaarden, ier een do Grousses ännere geet. Ech hätt jo sengerzäit vläicht e bësse méi op deem dote Punkt wëlle maachen. Dat war net alles ëmmer esou duerchzesetzen, mä et sollt ee vläicht trotzdeem waarden, wéi de Recrutement an der Arméi elo weider geet. Ech hunn den Androck dass do awer och, net zu lescht opgrond vun der wirtschaftlecher Situatioun wéi mer se kennen, mat der Entwécklung vun deene Leit déi no Aarbecht hei zu Lëtzebuerg sichen. Do ginn et jo Erfahrungswäerter aus der Vergaangenheet,

dass dann normalerweis de Recrutement bei der Arméi zimlech däitlech unzitt, plus déi Reformen déi elo nach ënnerwee sinn, esou dass dat wäert mat der Zäit vläicht eng Répercussioun op déi dote Carrière hunn, esou dass een also vläicht sollt e bëssen ofwaarden, ier een direkt aus der Hëft eraus schéisst.

***(Interruption)***

Voilà, et ass ganz kloer, well elo beim Ënneroffizéier dat ophéiert, misst also vläicht en Deel vun deene Leit wëllen op déi Brigadierscarrière kommen, déi, dat muss ech soen, net besonnesch attraktiv ass. Mä dat ass och der Regierung bekannt.

Nach e leschte Punkt, deen ech wollt opwerfen. Dat ass d'Fro vun de Missiounen, wou elo vill Wäert drop geluecht ginn ass. Dat ass richteg an dat ergëtt sech och aus der Prioritéit fir d'Centres d'intervention wat d'Presenz um Terrain, d'Preventivaarbecht ugeet, mä wou et awer och, mengen ech, wichteg ass, dass bei där doter Prioritéit net däerf vergiess gi wéi wichteg d'Enquêtenaarbecht ass, wéi wichteg et ass net nëmmen um Terrain present ze sinn, mä dass een herno och muss, nodeem een eppes constatéiert huet, d'Enquêtenaarbecht féieren. A grad fir déi Nei, déi bäikomm sinn, déi vläicht éischter den Drang hu fir eng Presenz um Terrain ze markéieren, ass et an eisen Ae wichteg dass mer deenen neie Leit an der Police och dat dote mat op de Wee ginn, d'Wichtegkeet an d'Nëtzlechkeet vun enger gudder an approfondéierter Enquêtenaarbecht, well soss komme mer och bei der Bekämpfung vun der Kriminalitéit net grouss virun.

Am Numm vun der LSAP wëll ech awer zum Schluss besonnesch meng Unerkennung hei ausdrécke fir déi Leit, déi an der Police schaffen, fir d'Polizisten, fir all d'Membere vun der Police grand-ducale, wou vill verlaangt ginn ass vun hinnen an deene leschten dräi Joer. Si ware mat implizéiert an der Virbereedung. Si haten eng onsécher Phas. Wéi soll et genau weidergoen? Wat geschitt mat mir perséinlech? Wéi gesäit meng Aarbecht aus? Si hu sech missen ëmstellen. Si hunn och missen nei Contrainten zum Deel erëm op sech huelen, duerch dee Service ronderëm d'Auer. Ech weess dat. Mä ech mengen, dat ass awer relativ reibungslos ofgaangen, och wa muncheree sécherlech eng gewëssen Onzefriddenheet huet. Dofir d'Unerkennung vun eiser Säit aus fir déi formidabel Aarbecht, déi awer Dag fir Dag an der Lëtzebuerger Police geleescht gëtt, niewent der Routinenaarbecht, mengen ech, datt awer och déi exzeptionell Evénementer, déi dobäi komm sinn a wou et dann ëmmer erëm gëllt aner Prioritéiten ze setzen.

D'Unerkennung och fir d'Aarbecht, déi d'Polizeigewerkschaft geleescht huet, respektiv fir d'Virgänger ënnert deenen ale Strukturen. D'Gewerkschaft vu Gendarmerie a vu Police, déi mat gehollef hunn eigentlech vun Ufank un dëse Reformprojet iwwerhaapt duerchsetzen. Géint den Accord vun de Gewerkschafte wär et a mengen Aen net méiglech gewiescht 1999 déi Fusioun vu Gendarmerie a Police ze maachen. Dofir e Merci an dofir awer och, mengen ech, d'Noutwendegkeet, dass och eng Polizeigewerkschaft weider associéiert bleift als Personalvertriedung bei der praktescher Phas an eiser Ëmsetzung vun där dote Reform.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll schléissen. Dat war sécherlech net onbedéngt eng klassesch Oppositiounsried, déi hei gehale ginn ass. Dat war och net meng Absicht. Ech gehéieren net zu deenen, déi an der Oppositioun verbrennen, dat wat se gehollef hunn an der Majoritéit opzebauen, an déi dote Position ass och déi vu menger Partei.

Merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

**M. John Schummer** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësen Débat de consultation, hei an der Chamber iwwert d'Police, gëtt eis haut Geleeënheet - an dat ass sécherlech den Zweck vun der Übung - eng Aart Bilan, méi wéi dräi Joer no der Fusioun, ze maachen.

D'Fusioun vu Gendarmerie a Police an e Corps unique de police grand-ducale ass mam Gesetz vum 31. Mäerz 1999 ageleet ginn an den 1. Januar 2000 a Kraaft getrueden. Dës Reorganisatioun, déi iwwer e puer Regierungen ewech zur Debatt stoung, ass ouni Zweifel eng historesch, wann net déi bedeitendst Verwaltungsreform, déi jee hei am Land duerchgefouert gouf.

Während den Debatten am Kader vum deemolege Projet de loi am Joer 1999, hu souguer verschidden Deputéierten net gezéckt fir den Term Jorhonnertreform ze gebrauchen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka mer virstellen dass déi sozialistesch Kolleegen heibannen, a besonnesch mä Virriedner den Här Bodry, den deemolege Ministre de la Force publique, deen dës Reform op d'Bee bruecht huet, fir net ze soen iwwert de Knéi gebrach huet, am Moment gespaant sinn, wat dann elo der Demokratescher Partei hir Ausso am Kader vun dësem Débat wäert sinn.

***(Interruptions)***

Et ass jo e Fait dass d'DP guer net glécklech mat deem Projet do war.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Ass se et dann haut?

***(Interruptions diverses)***

**M. John Schummer** *(DP)*.- Här Krecké, wann Der eppes zum Projet ze soen hutt, da kommt bei de President a schreift lech an.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Mir stellen lech eng Fro. Beäntwert se!

**Une voix**.- Sot, Äre Brëll ass awer schéin zu Ärer Krawatt assortéiert.

**M. John Schummer** *(DP)*.- Ech wëll direkt kloer stellen, dass eis Partei viru gutt fënnef Joer net prinzipiell géint eng Fusioun vu Gendarmerie a Police an e Corps unique war, ...

**Une voix**.- Dach!

**M. John Schummer** *(DP)*.- ...mä der Meenung war, an nach ëmmer ass, dass dës fundamental Reform falsch ugepaakt ginn ass, well fir d'éischt déi richteg Konditiounen hätte misse geschaaft gi fir déi héich gesaten Ziler kënnen ze erreechen.

Dës Ziler woren déiselwecht fir d'DP wéi fir jiddfereen, deen ëm déi steigend Kriminalitéit hei zu Lëtzebuerg besuergt war. Mir wollten eng Police déi landeswäit ronderëm d'Auer, 365 Deeg am Joer, rapid an effikass intervenéiere kënnt. Mir wollten eng Police déi visibel, accessibel, kommunikativ a biergerno ass. Mir wollten eng Police déi regional organiséiert an do och bis op e gewëssene Grad spezialiséiert ass.

D'Ziler woren also kloer, just wore mer eis net eens wéi mer dëst kënnten am beschten erreechen. Eng Fusioun opzezwéngen ouni dat richtegt Ëmfeld ze schafen - wéi dat 1999 ënnert där leschter Regierung gemaach gouf - wor sécherlech net déi richteg Äntwert. Sou hannerléisst dës Reorganisatioun vun der Police och nach bal véier Joer duerno en Nogeschmaach vu Bâcléiertem, well deemools déi néideg Startkonditioune bei wäitem net optimal waren.

Et muss een awer soen, datt ënnert dem Impuls vun där neier CSV-DP-Koalitioun...

***(Hilarité et interruptions)***

...an deene leschten dräi Joer - dat kënnt der net leegnen - de Maximum aus dëser schlechter Ausgangspositioun erausgeholl ginn ass.

***(Interruptions diverses)***

**Une voix**.- Also d'Leit um Terrain, Här Schummer, hunn zwar blo Uniformen, mä dat ass awer dat eenzegt wat se gemeinsam mat lech hunn. Et ass hinnen ze verdanken, dass déi Reform eppes ginn ass.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. John Schummer** *(DP)*.- An hirem Wahlprogramm huet d'DP sech kloer fir eng biergerno Police ausgeschwat, andeems iwwer Joren zousätzlech Personal soll agestallt ginn an andeems eis Polizeiste solle vun administrativen Aufgaben entlaascht ginn. Och soll vill Wäert op d'Ausbildung geluecht ginn. Alles Revendicatiounen, déi d'DP schonns am Virfeld vum Fusiounsprojet net midd gouf fir ze widderhuelen.

Dëse Fuerderungen ass am Koalitiounsaccord Rechnung gedroe ginn, wou och festgehale gouf datt d'Fusioun, déi nun emol kuerz virun de Wahle beschloss gi war, sollt progressiv an e puer Phasen agefouert ginn. D'Fusioun wor deemno kee Schmëlzprozess méi, deen ënnert enger rouder Flam sollt erbäigezaubert ginn, a sou konnt d'Reorganisatioun vun der Police phaseweis iwwert d'Bühn goen.

Éischt Phas war eng Phase transitoire vum 1. Januar bis den 10. Mäerz 2000. Zweetens, d'Phase intermédiare vum 10. Mäerz 2000 bis den 1. Oktober 2001. An drëttens, d'Phase finale vum 1. Oktober 2001 un.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëser CSV-DP-Regierung, ënnert dem Minister Michel Wolter, deen de Patron vun der Police ass, kënnt de Mérite zou, e Maximum u Méiglechkeeten dégagéiert ze hu fir dës Reform kënnen an der Praxis ëmzesetzen.

**Une voix**.- Très bien.

**M. John Schummer** *(DP)*.- Et ass awer och der Verwaltung selwer an hirem Personal, dat mat vill Asaz an Engagement un dës schwiereg Realisatioun erugaangen ass, ze verdanken, dass d'Répercussiounen no baussen iwwerwiegend positiv waren.

**Une voix**.- Voilà.

**M. John Schummer** *(DP)*.- Et war wéi gesot eng komplex Entreprise, well déi Aus-zwei-mach-eins-Prozedur konnt net einfach esou aus dem Aarm geréselt ginn. Hei sinn zwou Mentalitéite gezwongenermoossen openaner gestouss. Aus zwou dach nach iwwersichtlechen Entitéiten ass dach ouni grouss Transitioun eng schwéier Maschinn gemaach ginn. Där géintiwwer steet eng Kriminalitéit déi sech ëmmer méi rapid, komplex, intensiv a méi sophistiquéiert entwéckelt. Fir datt de Retard vun där enger op déi aner net méi grouss gëtt, muss eis Police kënne mat einfachen, simplifiéierten an effikasse Prozeduren, Strukturen, adequatem Material a gutt formëierte Leit operéieren.

Dëst ass net evident, zumools well den Drock grouss ass. Maache mer eis näischt vir, déi öffentlech Sécherheet ass e primordiaalt Element vun der Liewensqualitéit a si steet dofir ganz uewen op der Revendicatiounslëscht vun de Bierger vun dësem Land.

Et wor vu vir era kloer, datt trotz Personalzesummeleeung vun deenen zwou Verwaltungen, souguer mat der beschtméiglecher Optimiséierung vun de Ressourcen, supplementaart Personal a grousser Zuel direkt noutwendeg wier. Dat, well d'Zuel vun de Missiounen, an och hire Qualitéitsusproch, op eng ganz sensibel Manéier an d'Luucht gaange sinn. Dozou kënnt déi administrativ Belaaschtung an net ze vergiessen déi international Polizeiaufgaben, déi mer och hei ze erfëllen hunn.

D'DP huet also probéiert, zesumme mat hirem Koalitiounspartner, der CSV, dat Bescht aus där Fusioun ze maachen. Enorm budgetär a Personalefforte goufe virgeholl, et ass elo grad vun de Chiffre geschwat ginn. Et war dofir richteg, dass déi nei CSV-DP-Regierung 1999 jährlech d'Zuel vun deenen neie Recrutementer an der Carrière vum Inspekter direkt op 60 Unitéiten eropgesat huet. Mir leien haut an där Carrière bei 1.240 Leit, géigeniwwer 1.053 am Joer 1990. Et ass virgesinn dëse Rhythmus och an deenen nächste Jore bäizebehalen. Och aner Carrièrë si personalméisseg an d'Luucht gaangen. De Cadre supérieur vun 29 op 54, d'Brigadiere vun 43 op 66 an d'Zivilpersonal vun 83 op 138.

Dozou e puer Remarquen. Wa mer gäre méi Polizisten dobaussen op der Strooss hätte fir richteg Polizeiaarbecht ze maachen, dann dierfe mer se net mat „Net-Polizeiaarbecht" belaaschten. Si missten an deem Domän kënne progressiv vun Zivilpersonal entlaascht ginn. Dëst ass keng nei Iddi, dëst ass schonn am DP-Wahlprogramm vun 1999 zum Ausdrock komm.

Dann ass et bedauernswäert dass, trotz engem legalen Effektif vun 180 Unitéiten, d'Carrière vum Brigadier - déi eenzeg iwwregens wou de Recrutement nach iwwert den Härebierg geschitt - de Moment nëmme 66 Leit huet, largement ënnerbesat ass an net vill Intérêt suscitéiert. Hei imposéiert sech e Sensibiliséierungseffort, och notamment um Härebierg.

D'Reform vum Recrutementsmodus selwer, neierdéngs iwwert den zivile Wee, huet sech dogéint als e grousse Succès erwisen. Dovunner waren och mir iwwerzeegt. D'Zuel vun de Kandidaten, souwuel beim Cadre supérieur wéi bei den Inspekteren, war all Kéiers, wa Plazen ausgeschriwwe waren, impressionnant.

Et war mëttlerweil dobausse gewosst, dass d'Police amgaang ass eng Toilette vun hirem Image de marque duerchzezéien. Si stellt sech ëmmer méi vun deem repressiv-militariséiertem ewech, an als Service public, dee sech seriö a professionell ëm d'Sécherheet vum Bierger dobausse këmmert, duer.

Dee Mentalitéitswiessel ass logescherweis dann och amgaang am Corps selwer stattzefannen. Et ass allerdéngs kloer, dass déi honnerte vu Mutatiounen, d'Ausschaffen an d'Mise en place vun neie Konzepter, an déi nei Strukturen, musse verdaut ginn, ier jidderee sech an där neier Verwaltung erëm- an zurechtfënnt. Och an der Privatindustrie brauchen esou Prozesser hir Zäit a ginn och do net vun haut op muer.

Modern sinn heescht awer elo net all bestoend Prinzipien an den Acquis aus de vergaangene Joren einfach iwwer Bord werfen a blannemännerchers engem neien Trend nozelafen. D'Police, vum Législateur chargéiert, wann néideg mat der Contrainte déi bannenzegst Sécherheet vum Land ze garantéieren, ass keng Verwaltung wéi déi aner, si ass eng visibel Force déi sech domadder offanne muss, datt se dem Bierger Ried an Äntwert steet iwwert dat wat se mécht, wéi se et mécht a wéi se ausgesäit.

An deem Sënn mengen ech, dass d'Transparenzschinn, déi am Moment bei der Police gefuer gëtt, schonn déi richteg Usätz erkannt huet. An dësem Kontext wier och d'Inspection générale de la police ze ernimmen, déi mam selwechte Gesetz vun 1999 geschafe gouf an déi wuel e generellt a permanent Inspektiounsrecht, mä awer keng Disziplinargewalt huet.

Wat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, huet déi nei Police zënter dem 1. Januar 2000 opweises? Sécherlech emol eng bonne note fir d'Interventioun. Zënter Oktober 2002 sinn nämlech déi sechs Regioune mat hiren 13 Haapt- a secondairen Interventiounszentren en place. Bal en Drëttel vum ganzen Effectif, dat heescht 408 Polizisten, gouf an dës Prioritéit gestach. Mir hunn elo eng permanent Polizeipresenz uechter dat ganzt Land, wat et erlaabt méi wéi jee ganz séier Hëllef op d'Plaz vum engem Incident ze bréngen. Och wa sécherlech déi Presenz nach net esou massiv ass wéi mir eis se virstellen, faute de personnel, sinn awer éischt gutt Resultater ze verzeechnen.

D'Resultater sinn do, well d'Flagrant-délitë ginn an d'Luucht. Ëmmer méi Täter ginn nach um Tatort selwer gestallt. Zum Beispill bei de Bankiwwerfäll zu Miersch an Hesper, beim Hold-up op eng Tankstell nuets zu Stengefort, no enger Schéisserei an engem Restaurant zu Mamer oder bei villen anere manner spektakulären, mä trotzdeem wichtegen Affären. Esou wéi se quasi all Dag hei zu Lëtzebuerg geschéien.

Dës Succèsen op frëscher Dot bedeiten awer och fir de Polizist, dass de Risiko mam Täter confrontéiert ze gi bäi Wäitem méi héich ass wéi fréier. Duerfir brauch hien dat richtegt Material fir sech selwer ze schützen, ze agéieren, respektiv ze ripostéieren a virun allem awer och déi néideg Formatioun, fir dass hie säi sophistiquéiert Material richteg asetze kann a sech an all Situatioun richteg verhält. Dat schéngt mer erkannt ginn ze sinn an dat ass ganz positiv.

Déi Programmer mussen awer elo an Zukunft virugedriwwe ginn, well d'Kriminalitéitsmentalitéit an d'Kriminalitéitsforme permanent évoluéieren. Et heescht wuechtsam sinn an d'Gefore fréi erkennen a richteg drop reagéieren, well wéi vill heibanne woussten deemools, wéi dat neit Polizeigesetz debattéiert gouf, wat e Carjacking oder en Homejacking wier, an och vun engem Konzept vun engem polizeilechen Appui aérien duerch e Polizeihelikopter ware mer déi Zäit wäit ewech.

Nieft der renger Interventioun, déi also ëmgesat ass, progresséiert d'Spezialiséierung an de Regioune méi lues. Et gi wuel mëttlerweil d'Sections d'enquête et de recherche criminelle, kuerz SREC genannt, an all de Regiounen, mä regional Verkéierspolicë ginn et der eréischt zwou, an der Stad an zu Esch. SRPSen, Services régionaux de police spéciale, ginn et der dräi. Besonnesch eng flächendeckend Verkéierspolice wier awer batter néideg, well d'Onsécherheet am Stroosseverkéier eng éischt Suerg vun der Populatioun ass. An dësem Domän stieche mer nach voll am Développement.

Wann d'Interventioun zënter dem Oktober 2002 groussjähreg ass, dann ass d'Proximitéit lues mä sécher amgaang aus de Kannerschong erauszewuessen. D'Resultater vun enger ILReS-Enquête, déi och virdru scho vu Virriedner zitéiert ginn ass, déi am Fréijoer 2001 fir d'Police gemaach gi war, weist e subjektiivt Onsécherheetsgefill bei 76% vun deene befrote Leit aus. D'Ursaache sinn haaptsächlech an der Aggressioun am Stroosseverkéier ze sichen, mä gewëssen Incivilitéiten an d'Abréch als véiert genannten Ursaach schimmere liicht duerch.

An deem Kontext ass de Message, deen de Bierger senger Police mat op de Wee gëtt, awer ganz kloer. Physesch Presenz, Visibilitéit, Offenheet, Kommunikatiounsbereetschaft, Interessi fir d'Saach, kuerz eng Police fir unzepaken, dat ass dat wat de Bierger gären hätt an dat wat d'Missioun ass vun der Proximitéit.

D'Proximitéitspoliziste sollen déi sinn, déi vun der Wuerzel erop, vum lokalen Niveau un, Sécherheet schafen. Et ass dëst eng wichteg Missioun, well se duerch hire staarke preventive Charakter e wesentlechen Afloss op d'Dimensioun vun där néideger, leider Gottes nach néideger Repressioun ass. Déi materiell Strukturen, entre autres 49 Kommissariater, stinn, mä de Schong dréckt nach op enger anerer Plaz.

D'Philosophie vun der Proximitéit, déi fréier emol au petit bonheur la chance vun där enger oder anerer lokaler Unitéit méi oder wéineger praktizéiert gouf, ass elo schonn eleng vun der Systematik hier eppes ganz Neies fir eis Polizisten. D'Anticipatioun vun der Delinquenz duerch e systematesch lokale Renseignement, agéieren amplaz vu reagéieren, all dës Messagë schéngen nach net iwwerall op der Basis ukomm ze sinn. Dat ass awer am Kontext vun de Prioritéiten déi der Police gestallt gi waren, an deem dach relativ kuerze Zäitraum, e bësse méi wéi dräi Joer - dat solle mer net vergiessen -, net anormal.

Wichteg ass dass, elo wou awer vill manner Drock do ass, déi Mentalitéitsännerung step by step kënnt, an et schéngt mer wéi wann de Wee iwwert d'Formation continue, deen elo bei der Police ageschloe gouf, extrem wäertvoll an och doudsécher dee richtege wär.

Den Ament sinn 13 vun 49 Proximitéite mat engem Effectif vun all Kéiers nëmme véier Poliziste besat. Dat ass net vill an dat muss och esou séier wéi d'Personalopstockung et erlaabt änneren, ëmsou méi well d'Proximitéitspolizisten och nach hei an do fir ganz aner Spezialdéngschter mussen of- an erugezu ginn. Et sollt een an där Diskussioun elo awer och net e wesentlecht Element vun der Philosophie vun der Reorganisatioun vergiessen, déi all d'Strukture vun der Police vernetzt a se nom Subsidiaritéitsprinzip fonctionnéiere léisst.

D'Proximitéitskommissariat ass keen, wéi dat vläicht fréier de Fall war, fräi schwiewenden isoléierten Atom an der Landschaft. Et stinn him eng ganz Partie Appuien zur Verfügung. Och net all d'Problemer ginn allerdéngs heiduerch geléist. Mentalitéiten änneren hélt Zäit, esou dass et einfach net méiglech ass, an dat hätt misse vun Ufank u kloer sinn, e Proximitéitskonzept vun haut op muer aus dem Stee schloen an ëmsetzen ze kënnen.

De judiciairë Volet vun der Police steet vläicht net esou am Vierdergrond vun den Aktivitéiten, mä spillt awer duerfir keng onwesentlech Roll. All Polizist ka judiciaire aktiv ginn, mä mat 172 Spezialiste konzentréiert d'Police an deene sechs regionale Sections de recherche 74 Leit an am Service de police judiciaire 98 Leit, hire Fer de lance am Kampf géint déi mëttel a grouss Kriminalitéit. Déi Strukture sinn zum Deel nei, virun allem op regionalem Niveau, wou et fréier just Sektiounen zu Lëtzebuerg, Esch an Dikrech gouf, an enger PJ déi mat zum Deel anere Kriminalitéitsforme wéi haut konfrontéiert war.

Den Ament gëtt Uerdnung an déi Strukture bruecht, woubäi een net däerf vergiessen, dass mat Autorité judiciaire an dësem Domän e supplémentairë stëmmgewaltege Partner mat um Dësch sëtzt. All Mënsch huet awer d'Wichtegkeet vun der néideger Reform erkannt, well den SPJ huet ëmmer nach keen Organigramme, an dat globaalt judiciairet Konzept fir dee ganze Volet, wie wat wéini wou a wéi mécht, läit nach net vir. Dat si wichteg Basisstécker vum Puzzle, och am Hibléck op déi zukünfteg Personalorganisatioun.

De supplémentairë Recrutement fir d'SPJ huet elo Gott sei Dank mat 20 neie Posten an de Beräicher Finanz-, Wirtschafts- an organiséierter Kriminalitéit ugefaangen. Dat ass wichteg, well de Grand-Duché op ville vun deene Gebitter op der internationaler Bühn am Kräizfeier steet, mä, wéi gesot, d'Konklusioune vum Rapport, deen déi zwee Ministèrë bei der Inspection générale de la police an Optrag ginn hunn, loossen nach op sech waarden.

Imminent Realitéit gëtt dat neit Konzept fir d'Police technique. D'Testphas ass mat Erfolleg a gudde Resultater ofgeschloss ginn an nach dëst Joer sollen all d'SRECen technesch a personalméisseg esou ausstaffféiert ginn, dass eng national Spuresécherung mat zentraler Auswäertung bei der SPJ Realitéit gëtt. Dat an de Fait, dass d'Aarbechtskonditioune vum SPJ deemnächst an engem neie Gebai wesentlech verbessert wäerte ginn, schénge positiv Signaler fir d'Zukunft ze sinn.

Allgemeng muss weider vill Wäert op d'Aarbechtskonditioune vun eise Poliziste geluecht ginn. Weider Efforte mussen a puncto Infrastrukturen, ech denken do spontan un déi geplangte Cité policiaire, gemaach ginn. D'Material, sief dat e Fortbewegungsmëttel, e Computer oder soss iergendwellech Kommunikatiounsmëttel, muss regelméisseg dem Fortschrëtt vun der Technik ugepasst ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Défi ass dee fir d'Opléisungsquot vu kriminellen Doten esou héich wéi méiglech erop ze setzen, ouni d'Préventioun awer do derniewent ze vergiessen. Polizeipresenz ass gutt, mä de Suivi muss do dernieft awer och assuréiert ginn. Deemno muss weiderhi vill Energie an d'Enquêtë gestach ginn.

Ech hu schonns déi sougenannte Police technique ugeschwat, déi et erméiglecht engem Verbriecher éischter op d'Spur ze kommen. An dësem Kontext, mengen ech, misst ee sech och mam Schafe vun engem Institut médico-légal hei am Land seriö ausenanersetzen. Effektiv ass et esou datt Autopsien, toxikologesch oder aner Analysen nach ëmmer am Ausland mussen duerchgefouert ginn.

Wat d'Organisatioun vun deem geschafene Corps unique betrëfft, musse mer weiderhin oppassen, datt net op eemol e regelrechte Kompetenzchaos entsteet. D'Kompetenzen an d'Responsabilitéiten innerhalb vun der Police musse kloer definéiert ginn. Mir kënnen eis et net erlaben eis Police zu engem Verwaltungsapparat ze maachen. Si muss rapid a flexibel bleiwen.

Ech wollt op dëser Plaz nach eng kleng Remarque maache wat eis Justiz ubelaangt, och wann dat haut net direkt zur Debatt steet. Et ass awer kloer, dass d'Justiz muss kënnen à même si fir de Relais no enger geleeschtener Polizeiaarbecht ze iwwerhuelen. Eis Justiz muss kënnen de Suivi assuréieren no der erfollegräicher Opléisung vun engem Fall. Anerwäerts lafe mer d'Gefor dass d'Onsécherheetsgefill beim Bierger klëmmt. Eng effikass Police muss vun enger grad esou effikasser Justiz begleet ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e lescht Wuert dann iwwer en Aspekt, deen nawell gären an den Hannergrond geréit an op dee meng Parteikolleegin a Fraktiounskolleegin Maggy Nagel nach wäert méi intensiv agoen. Et handelt sech ëm d'Relatioun Police a Gemeng.

D'Relatioune mat der lokaler, respektiv kommunaler a regionaler Autoritéit sinn iwwert d'Organisatioun vu 37 kommunalen an interkommunale Preventiounsréit an iwwer sechs regional Comitéë geregelt. Schéin a gutt, mä d'DP wäert sech och weiderhin dofir asetzen, dass eis Buergermeeschteren a Schäffen endlech Polizeikompetenzen unerkannt kréien, déi hinnen et erméiglechen d'Sécherheet um Gebitt vun hirer Gemeng, fir déi si responsabel sinn, besser kënnen ze assuréieren. Hei gëllt och eng Clarificatioun vum Statut vun den Agents municipaux.

**Une voix**.- Très bien.

**M. John Schummer** *(DP)*.- Déi sollen an der Complémentaritéit zur Police positionéiert ginn. Dat war eis Meenung virun 1999 an et ass se och nach elo.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei der Police grand-ducale ass zënter dem 1. Januar 2000 vill geschafft ginn. Déi Verwaltung an hir Leit hunn e gutt Stéck Wee gemaach, mä mir sinn awer och nach e gutt Stéck vun der kompletter Ëmsetzung vun der Reorganisatioun ewech. Et schéngt mer dofir elo virun allem wichteg, dass all déi Efforten déi amgaang sinn um Niveau vum Recrutement, dem Equipement an der Formatioun an och dëse méi prekären Zäite konsequent weider gedriwwe ginn.

D'Police ass e liewenswichtegt Element an eiser Gesellschaft. Si brauch, fir kënnen effikass ze schaffen, gewësse Moyenen. Dat soll een och net vergiessen, wann zum Beispill déi nächste Kéier iwwer Daten an Zeieschutz Rieds geet. D'Police ass de Garant vun der Sécherheet vum Bierger, an déi Sécherheet soll erwisenermoossen och kee Präis hunn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn als ADR oft dofir agetratt, datt een eng Commission du suivi législatif géif hei an der Chamber aféieren, respektiv datt déi eenzel Kommissioune sech sollten drëm këmmeren, ob e Gesetz, wat mer gestëmmt hunn, och effektiv seng Resultater bruecht huet. Dat ass eng Prozedur déi mer net wëlle bei all Gesetz ufëieren, mä bei deene Gesetzer wou et wichteg ass fir verschidde Resultater ze gesinn. Dofir si mer och frou datt mer haut, dräi Joer no deem dat Gesetz hei a Kraaft getratt ass, kënnen iwwert den Effet vum Gesetz vun 1999 schwätzen.

Iwwert de Fong wëll ech soen, datt mir als ADR ons fir déi Reform ausgeschwat hate wat de Prinzip ugeet, mä datt mer ons awer beim Vote enthalen haten, well mer verschidden Douten haten, ob mer déi Effektiver kënnte kréien déi mer brauchen, fir datt d'Reform effektiv voll zum Droe kënnt. Mir haten och verschidde Suggestioune gemaach, deenen deen Ablack net Rechnung gedroe ginn ass.

An ech gesinn datt ech dat, wat ech 1999 gesot hat op dëser Tribün, zu engem gudden Deel nees ka répétéieren, mä awer an engem positive Sënn, datt ee gesäit datt elo schonn Efforte gemaach gi sinn. Et geet awer och aus deem ganz voluminéise Rapport, dee mer kritt hunn, ervir, datt awer nach ëmmer e staarke Mangel un Effektiver besteet.

Ech liesen zum Beispill am Rapport, datt d'Police ablécklech net méi kann, evidenterweis géif ech bal soen, nure mat Poliziste schaffen, datt se ëmmer méi muss op Zivilpersonal iwwergoen. Dat ass u sech eng normal Evolutioun, mä et huet awer och verschidde Schwieregkeeten déi domadder verbonne sinn, an deem Sënn datt verschidden Donnéeë confidentieller Natur sinn an datt ee muss oppassen datt dat Zivilpersonal och do déi néideg Distanz zu verschiddenen Aktivitéite kritt, dat heescht datt d'Police hir Aarbecht soll maachen an datt d'Zivilpersonal nure bei verschiddenen Aarbechte kann erugezu ginn, notamment fir der Police administrative zur Säit ze stoen.

Dann ass am Rapport gesot ginn, datt Modifikatioune bei de Modalitéite vum Recrutement, notamment vum Brigadier, sollen duerchgezu ginn. Dofir wollt ech den Här Minister froe wat hien do virgesäit, dat stong am Rapport net dran. Ech soe just nëmme wat ech virfonnt hunn, an ech wier frou wa mer do vläicht e puer Informatioune géife kréien.

Da geet och am Rapport Rieds vum Equipement, notamment vun den Infrastructures en télécommunication an informatique. Ech wëll do erënneren, Här Minister, datt Dir de 26. Oktober 2001 en integrale Renouvellement vun der Infrastructure informatique am Centre d'intervention an an de Commissariats de proximité vun der Police duerchgezunn hutt an datt do awer eng etlech Schwieregkeeten entstane sinn, déi zu engem Prozess gefouert hunn.

Et haten an enger Soumission restreinte sech sechs spezialiséiert Firmae gemellt. A wéi mer aus dem Geriichtsurteel erausliesen, ass d'Regierung higaang a si huet net deem Bëllegsten et ginn, och net dem Zweetbëllegsten, mä deem Deiersten. Dat huet jiddfereen e bësse gewonnert. Ech hat Iech an enger Question parlementaire gefrot, wéi d'Regierung huet kënnen op dee Wee goen? Do ass mer eng Äntwert zougedroe ginn, déi mech nach méi erstaunt huet: Notamment wier déi Prozedur hei conforme à la loi geschitt, obwuel d'Urteel awer just de Contraire gesot huet, well et de Marché public annuléiert huet. An Ärer Äntwert, Här Minister, hutt Dir mir gesot, datt de Paragraphe 2°c de la loi modifiée du 27 juillet 1936 concernant la comptabilité de l'Etat esou eng Prozedur géif autoriséieren, nämlech datt am Prinzip deen Deierste misst geholl ginn. Ech muss mech och do wonneren, datt op esou ee Gesetz sech référéiert gëtt, wou ech a menger Naivitéit geduecht hat - an ech weess och dass de Rapporteur iwwert d'Marchés publics, den Här Loes, mech do vläicht kann dran ënnerstëtzen -, d'Marchés-publics-Gesetz wier hei maassgebend, an net d'Kontabilitéitsgesetz.

Mä dat wat nach méi interessant ass, datt Der mer an der Äntwert sot: «La société dont l'offre a été retenue est la plus avantageuse». An anere Wierder, wann ech Är Interpretatioun vun der Gesetzgebung verstinn, dann ass et an Zukunft esou datt, wa bei der Police oder beim Intérieur e Marché public ausgeschriwwe gëtt, da muss een deen Deierste sinn an net dee Bëllegsten. Dat ass eng Logik, Här Minister, déi ech net ganz novollzéie kann a wou ech och mengen datt et gutt wier, datt d'Commission du contrôle budgétaire sech géif mam Dossier befaassen, well déi Aart a Weis wéi dee Marché hei iwwert d'Bühn gaangen ass, esou däerf et net virugoen. Et ass eng Illégalitéit gewiescht. Dir hutt d'Urteel akzeptéiert an et wäert héchstwahrscheinlech nach zu Dommages-intérêts féieren.

Mä et gesäit een, datt, wann e wëllt eppes maachen, et awer och wichteg ass, datt déi Infrastrukturen déi gebraucht ginn - hei an der Informatik - déi bescht sinn. Elo kënnt Der nach soen, deen Deierste wier vläicht dee Beschte gewiescht. Or, no alleguer den Donnéeën, déi ons zur Verfügung stinn, gesäit een datt deen Deierste gewielt ginn ass, mä net deen deen déi beschten Infrastrukture fir d'Servicer vun der Police ugebuet hat.

Dat och, mengen ech, muss analyséiert ginn, mä aus deem Dossier, dee mir zur Verfügung steet, ass dat déi Konklusioun déi ech elo schons wollt zéien.

Bei den Equipementer geet och Rieds vun deem berühmten Helikopter. Mir hunn een eenzegen Helikopter, Här Minister, an et ass verständlech datt een eenzegen Helikopter net vill dénge kann, well e ganz oft muss aus noutwendege Grënn eraus an d'Revisioun goen. Dat si meeschtens e puer Méint am Joer. Mir hate bei Ärem Kolleeg Minister vun der Défense intervenéiert, datt anstatt deen deiere Militärflieger ze kafen, fir Truppen ze transportéieren, déi mer net hunn, an deen am Ausland soll stationéiert ginn, au contraire sollt gekuckt gi fir méi Helikopteren ze kafen, och notamment fir d'Police, well dat ons ugerechent ka gi fir ons Contributioun zur NATO.

Ech wier awer frou, Här Minister, wann Der ons kënnt e bësselche méi Informatioune ginn iwwert d'Utilisatioun vun deem Helikopter. Ech hu just nëmmen eng Utilisatioun periodesch gesinn, dat ass bei verschiddene Gefaangenentransporter. Ech wäert herno nach eng Kéier drop zréckkommen.

Da geet och vill an deem Rapport Rieds vum Erkennungsdéngscht. Ech soen, datt mir wuel eng Police technique brauchen, mä mir brauchen och eng Police scientifique. Augenblécklech musse mer ganz oft op d'Ausland zréckgräifen. Ech mengen, dat ass net gutt, notamment um Niveau vun der Informatik misste mer besser équipéiert sinn an och eng Police scientifique hei zu Lëtzebuerg virgesinn.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

En anere Punkt aus dem Rapport, deen interessant ass, ass natierlech datt mer alleguerte wëllen, datt de Commissariat 24 Stonnen op 24 de Leit zur Verfügung steet, datt een eng Proximitéit huet vun der Police, datt d'Leit d'Police gesinn, well dat jo ee vun den Elementer ass deen am dissuasiivste wierkt, wann ee wëllt géint d'Kriminalitéit virgoen. Ech hu gelies, datt Der Plans de sécurité, lokal Sécherheetsplange mat Diddeleng, Esch an der Cap gemaach hutt. Wat d'Stad Lëtzebuerg ugeet konnt ech näischt gesinn, mä ech huelen awer un datt do eng gutt Kollaboratioun besteet, Här Minister. Ech wollt just nëmme froen, ob do e Plang besteet oder ob déi Kollaboratioun, wéi se elo besteet, duergeet.

An deem Kontext gëtt et natierlech awer och wichteg ze soen, datt eng Gesetzgebung misst geschafe gi fir de Gemengen ze erlaben Agents municipaux anzestellen a fir kënnen domadder d'Police ze déchargéiere vum Contrôle vun de Gemengepolizeireglementer.

Ech wollt just nëmme soen, datt dat nach an de Kannerschong stécht, an ech wollt d'Regierung opfuerdere fir ons nach e puer weider Informatiounen ze ginn, wéini a wéi se dee Projet wëllt weiderzéien.

Meng Haaptinterventioun wäert awer erausgoen iwwert eppes, wou och am Bericht eng etlech Kriticke sinn. Dat ass iwwert d'Evolutioun vun der Criminalité économique et financière a vun der Criminalité organisée.

Ech liesen hei den Avis vum Parquet général vum Mee d'lescht Joer integral vir, Här Minister. Et ass net vill, mä dat explizéiert ganz gutt de Problem: „La poursuite et l'instruction en matière de banqueroutes n'est qu'un des multiples volets de la poursuite et de l'instruction des délits économiques et financiers. Monsieur le Procureur d'Etat de Luxembourg dresse en son rapport un constat fait depuis de nombreuses années en disant: „Le fait est malheureusement de constater que beaucoup des affaires importantes notamment en matière de délits économi-

ques et financiers n'aboutissent pas utilement parce que le cabinet d'instruction est engorgé d'affaires et que les sections du Service de Police Judiciaire en charge d'affaires économiques et financières sont immergées d'affaires dont beaucoup n'aboutissent en fait jamais"." Mir hu gesi wat dat bei der Affär Morby bruecht huet, datt dat néng Joer laang geschleeft huet. Och bei Failliten a Banqueroutes frauduleuses dauert et laang.

Weider seet de Parquet général: „Le juge d'instruction-directeur avait déjà souligné en son rapport d'activité 1998-1999 que le nombre des dossiers traitant d'infractions à caractère économique ou financier avait triplé en cinq ans. Tous les acteurs sur le terrain relèvent qu'il s'agit de plus en plus d'affaires complexes, volumineuses et à portée internationale, partant difficiles à instruire. S'y ajoute que les conventions internationales et les actes communautaires que le Luxembourg sera amené à ratifier et à adopter tôt ou tard en matière de terrorisme, de blanchiment d'argent, de coopération internationale en matière pénale, de criminalité informatique pour ne citer que les domaines les plus importants, ne faciliteront pas la tâche des différents intervenants précités.

Il est navrant de constater que face à cette multiplication des infractions les effectifs des magistrats et du service de police judiciaire n'ont point évolués en conséquence, loin s'en faut. S'il n'est pas paré d'urgence à ce manque flagrant de moyens, plus particulièrement en personnel qualifié, la justice pénale risque d'être paralysée à court terme en des domaines substantiels de lutte contre la criminalité grave dont la lutte contre la délinquance économique et financière n'est que l'un de ces domaines. Il ne suffit pas de faire des études", lauschtert Här Minister, „de constituer des groupes de travail, mais des décisions sont à prendre au niveau du personnel et du budget".

A mir deelen dës Meenung vum Procureur général, well mer gesinn datt wierklech näischt oder ganz wéineg op deem Punkt bis elo bougéiert huet, sauf datt ee Juge d'instruction bäikoum. Mä et ass bei de Leit selwer am Service de police judiciaire, section économique et financière, wou et ganz vill Schwieregkeete gëtt.

D'Effektiver vum Service de police judiciaire maachen augenblécklech eng ronn 120 Leit aus. E gudden Deel vun hinnen huet eng Formatioun, ech mengen et sinn der 20, vu Bac+4 plus nach eng Spezialformatioun zu Bréissel vun 18 Méint. Wat déi ganz nei Infrastruktur, déi nei Leit, déi do mat erakomm sinn, ugeet, do gëtt nach ëmmer, wat d'Organisatioun vun deem Service ugeet, op en Organigramme vun der SPG vun 1992 zréckgegraff.

Ech mengen, wann een 1999 eng Reform mécht an et engagéiert ee méi Leit, wann een nei Missioune kritt, da muss een natierlech och den Organigramme vun 1992 iwwerkucken. Dat ass bis elo net geschitt, an dofir wollt ech den Här Minister froe wat fir eng nei Structure hiérarchique e wëllt maachen. Sinn do schonn Iwwerleeungen? Wéini soll do eng Reform kommen? Well et ass noutwendeg datt déi Leit, déi eng Formation universitaire hunn, mat deenen déi eng Formatioun hu mat Bac-1, 2 oder 3 als Brigadier kënnen zesumme schaffen, datt déi néideg Hierarchien geschafe ginn. Et gesäit een, datt déi Situatioun op jiddfer Fall staark verbesserungswierdeg ass.

Den zweete Punkt, deen ee muss ervirsträichen, dat ass datt et net nëmmen duergeet fir eng Reform virzehuelen déi doranner besteet fir d'Effektiver ze héijen, mir mussen och eppes änneren un de Prozeduren. Well et ass selbstverständlech, datt Effektiver héijen, déi liichtste Léisung ass, mä mir wëssen alleguerten datt mer Schwieregkeeten hunn am Recrutement. Wann een also d'Leit wëllt optimal asetzen, da muss een och kucke fir vläicht verschidde Prozeduren, déi ganz zäitraubend sinn, ze änneren, ze simplifiéieren, fir datt d'Police méi effikass schaffe ka mat deene Leit déi se zur Verfügung huet.

Ech denken do un e puer Saachen, wou ech ouni Ordre d'importance déi eng oder aner wëll ervirsträichen, mä wou ee muss op aner Weeër goen.

D'Beispill beim Transport vu Prisonnéier. Firwat muss deen Transport gemaach gi vu Leit aus der Gendarmerie?

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Déi gëtt et net méi!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Dir stéiert lech un de bloen Uniformen.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Et kann dat sinn.

Also vun der Police. Ech wollt just nëmme soen datt mer och do gesinn, datt een heiansdo bei normalen Transporter vu Gefaangene kënnt op anert Personal zréckgräifen, notamment vun de Prisongen, an datt een deen Ableck, wou gefëierlech Gangsteren transportéiert ginn, op d'Police zréckgräift, dat schéngt mer eppes Normales ze sinn. Mä nach muss een dat net an all Fall maachen. Et ass een heiansdo schockéiert, wann ee gesäit, wann e Schwéierverbriecher wéinst engem Interrogatoire beim Juge d'instruction muss vu Schraasseg an d'Stad gefouert ginn, datt mer dann den Helikopter hunn an eng Dose Leit schwéier bewaffnet mat Cagoulen, déi dee Prisonnéier vu Schraasseg an d'Stad féiere bei de Juge d'instruction, fir do zéng Minutten oder eng Véirelstonn verhéiert ze ginn an dann nees mat deemselwechte Wee zréck. All Transport kascht 30.000 bis 40.000 Euro, wann een déi ganz Fräen zesummerechent. Et wier vläicht méi liicht wann den Untersuchungsriichter fir 40 Euro de Wee géing maache vun der Stad op Schraasseg. Ech mengen dat si Saache wou ee ka méi effikass schaffen, ech wollt nëmmen ee Beispill uginn.

Da gëtt et den Artikel 55.2 vum Code d'instruction criminel. Hei ass et den Enquêteuren net méiglech, wann eng Persoun an Untersuchungshaft ass, a wann déiselwecht Persoun an enger anerer Affär muss gehéiert ginn, fir se ze héieren, da muss nees erëm zréckgoe bei den Untersuchungsriichter fir eng Ordonnance ze kréien.

Do misste mer awer eng Réforme législative virhuelen. Wann an därselwechter Affär muss enquêtéiert ginn, da soll bien-entendu d'Législatioun esou bleiwe wéi se ass, mä wann et an enger Affaire ass, déi näischt mat der éischter Affär ze dinn huet, wou d'Instructioun leeft, dann awer nach en Interrogatoire kënnt gemaach ginn.

Dann hu mer den Artikel 39 vum Code d'instructioun, och do gesi mer datt déi Prozeduren, déi virgesi sinn, heiansdo zu ganz absurde Situatioune féieren.

Mir mengen datt déi Méiglechkeeten, déi enger Persoun, déi en flagrant délit erwëscht ginn ass, zoustinn, wéi datt en Urecht huet op en Affekot, datt en de Procureur ka kontaktéieren, datt en och kann en Dokter froen, datt déi Revendicatioune richteg a berechtegt sinn.

Mä wéi geet et an der Praxis? Et gesäit een, wann engem Prisonnéier déi eenzel Froe gestallt gi wann hien an enger Sprooch informéiert gëtt déi hie versteet, sous réserve datt hien dat wëllt verstoen, datt da ganz oft gesot gëtt: Ech brauch en Dokter. An da mussen zwee Gendaarme plus e Chauffeur mat deem Verbriecher an e Spidol goen, respektiv an d'Urgencen - ganz oft mat Accompagnement mat Handschellen a mat Leit mat Mitrailletten, déi op déi oppassen mussen -, an dann erëm zréckgoen. Ass et net zum Beispill do méi einfach, wann ee sech esou géif organiséieren, datt en Dokter géif bei d'Gendarmerie kommen, an net ëmgekéiert?

Da stelle sech ganz vill Froen, och an den Enquêten, datt ganz oft déi eenzel Administratioune Schwieregkeeten hu fir mat der Police judiciaire zesummen ze kollaboréieren, ob et d'Administration de l'emploi ass, d'Sécurité sociale oder den Hypothéikebüro. Ech mengen iwwerall gesäit een, datt onnëtz Prozedure Schwieregkeete maachen. Am Ausland gëtt ganz oft mat Requisitioune gefuer, hei bei ons gesäit een datt déi Prozeduren iwwerholl sinn.

Et ginn esou eng etlech Problemer, déi zwar am Detail, alleguerten eenzel gesinn, net vill bréngen, mä wann ee se all zesummen hëlt, kënnte se awer dozou féieren datt, wa se géife reforméiert ginn, een deen Ablack kënnt dat bestoend Personal méi optimal asetzen a méi effikass schaffe loossen.

An deem Sënn wëll ech och eng Motioun déposéiere wou mir verlaangen datt op där enger Säit de Service de police judiciaire, mä och d'Geriichter an d'Regierung, sech zesumme setzen, fir ze kucke wou d'Prozedure kënne vereinfacht ginn, anescht gemaach ginn, fir d'Aarbecht vun der Police am Respekt vun den individuelle Fräiheete besser kënnen auszeféieren.

Ech soen Iech merci.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant l'avis du Parquet général relevant l'évolution préoccupante de la criminalité;*

*- considérant l'évolution préoccupante de la criminalité économique et financière, le manque d'effectif chronique de la police judiciaire chargée de ces enquêtes et la surcharge de travail des juges d'instruction;*

*- considérant qu'il y a lieu de revoir les modalités d'accès aux informations détenues par certaines administrations durant les enquêtes préliminaires effectuées par les services de police judiciaire;*

*- considérant qu'il y a lieu de revoir certaines modalités d'application afin de faciliter l'accès aux informations nécessaires à une enquête, dans le respect des libertés constitutionnelles;*

*- considérant que la révision des procédures doit permettre d'optimiser le travail des enquêteurs et désengorger les cabinets d'instruction; invite le Gouvernement*

*- à rechercher ensemble avec le service de police judiciaire et les instances judiciaires les modalités pratiques permettant de faciliter les enquêtes préliminaires notamment en matière de criminalité économique et de crime organisé.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

**M. le Président**.- Merci, Här Henckes. Nächsten Orateur ass den Här Huss. Den Här Huss huet d'Wuert.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sollen haut hei iwwert den éischte Bilan vun der Reorganisatioun vun de Forces de l'ordre diskutéieren. Méi einfach ausgedréckt also iwwer en Tëschebilan vun der Fusioun vu Gendarmerie a Police, déi iwwert d'Gesetz vum 31. Mee 1999, kuerz virun deene vergaangene Wahlen, nach réaliséiert gi war.

***(Interruptions)***

D'Problemer vun der Situatioun virun der Fusioun, déi deemools ëmmer erëm ervirgehuewe gi waren, waren ënner anerem de Problem vun der Existenz an deelweiser Rivalitéit tëschent zwou eegene Strukturen, de Problem vu Kompetenzdélimitatiounen an Doubleemploien an domadder Effizienzverloschter, Organisatiounsproblemer, Imageproblemer an esou virun, a vun de Personal- oder Gewerkschaftsvertriedungen ass deemools ëmmer erëm zu Recht op d'Formatiouns- a Recrutementsproblemer a virun allem och op grouss Problemer vu Personalmängel higewise ginn.

An dëser Fro vun engem adaptéierten an ausräichende Recrutement vu Personal haten an eisen Ae kloer déi deemoleg CSV-LSAP-Regierunge versot, esou wéi se an den 80er an an den 90er Joren an der Recrutéierungspolitik vu genuch Personal zum Beispill och um Gebitt vu Schoulpersonal a bei anere Statsverwaltunge versot haten.

Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng triede méi allgemeng gesi fir eng effikass, modern, motivéiert a biergerfrëndlech Fonction publique an. Mir si géint all néo-liberal Versich vun Dereguléierung a Privatiséierung vu Services publics, wou bekanntlech an de kommende Joren, duerch dat sougenannte GATS-Ofkommes, och op Lëtzebuerger Services publics kënnte Risiken zoukommen, woubäi dat awer berouegenderweis, am Fall vun der öffentlecher Sécherheet, net de Fall wäert sinn. D'Forces de l'ordre sinn net vun der GATS-Privatiséierungswell betraff an d'Police wäert also glécklecherweis net privatiséiert ginn.

Mir schwätzen also haut hei just iwwert de Bilan vum 99er Gesetz iwwert d'Fusioun, an ech muss Iech do allerdéngs an aller Bescheidenheet soen, datt et eis net méiglech ass elo, no knapps zwee, dräi Joer, scho wëllen e groussen, objektive Bilan ze zéien, dee sech dobäi kënnt op genügend objektiv Daten a Fakte stëtzen. Zwee, dräi Joer sinn ze vill e kuerzen Zäitraum fir eng seriö an ëmfaassend Evaluatioun a mir verfügen och just iwwert dee Rapport deen aus dem Ministère selwer, dat heescht aus der Direktioun vun der Sécurité intérieure kënnt.

Mir hunn net vill oder bal guer keng Daten doriwwer, wéi déi Beschäftegt vun der Police selwer déi Fusioun aschätzen, a mir hunn och keng méi ëmfaassend Daten doriwwer, wéi zum Beispill déi lokal Autoritéiten insgesamt a wéi och d'Leit am allgemengen dobaussen elo d'Resultater vun der Neiorganisatioun aschätzen.

Wat elo zum Beispill d'Leit dobaussen, d'Biergerinnen an d'Bierger ubetrëfft, sou wier ech do op jidde Fall net ze vill optimistesch. Den Image vun der Polizei schéngt mer zwar deelweis an engem positive Sënn évoluéiert ze hunn, mä et héiert een awer och nach ganz oft Commentairen am Sënn vun: Wann ee se brauch, komme se awer net. Oder Zitater, déi ech nach virun zwee, dräi Deeg héieren hunn: Et geschitt dach souwisou näischt. Wouropper dann an Eenzelgespréicher vu Polizeiagenten oft geäntwert gëtt: Mir kënnen awer och net iwwerall sinn, mir hunn nach ëmmer ze vill e grousse Personalmangel.

Nun, Dir Dammen an Dir Hären, dat si selbstverständlech nëmme ganz eenzel Momentopnamen a wahrscheinlech subjektiv Gefillsausdréck, mä et soll een dat awer net ënnerschätzen.

A well ech virdru scho betount hat, datt mer fir eng effikass Fonction publique an doranner och fir effikass Sécherheetskräften antrieden, ass natierlech kloer datt mer en faveur si vun enger weiderer effikasser Recrutéierungspolitik op allen Niveauen, ob Inspekteren oder Brigadieren oder och Zivilpersonal, zum Beispill bei der Police technique oder och bei der Police judiciaire, fir endlech déi ëmmer nach bestehend Personalmängel ofzeschafen.

Sécherheet, Dir Dammen an Dir Hären, ass hautdësdags e wichtege Facteur vu Liewensqualitéit ginn. Wa vill Leit sech an hiren alldeegleche Liewensweeër, an hirem Alldag net méi sécher spieren - an dat ass zumindest op bestëmmte Plazen an a gewëssen Usätz och hei zu Lëtzebuerg de Fall -, wann also Deeler vun der Bevölkerung, virun allem Deeler vun der eelerer Bevölkerung, sech veronséchert fillen, da kënne se ufälleg gi fir rietspopulistesch oder extremriets „Law and Order" Parolen a Beweegungen. D'Ausland huet dat an deene vergaangene Jore genügend bewisen, an dat kann an däerf nu wierklech keen demokratesche Politiker heibanne wëllen.

Mir brauchen hei zu Lëtzebuerg keng Angscht ze hu virun engem sougenannte Polizeistat, well mer eng absolut demokratesch orientéiert Polizei hunn, eng Police wou jo elo och nach iwwert d'Schafung vum neie Service vun der Inspection générale de la police en zousätzlecht Kontrollinstrument geschafe gouf.

Wéi dës nei Institutioun am Kader vun der Police sech wäert an der Praxis bewähren, dat kann een no knapps zwee Joer sécherlech nach net soen. Et misst sech awer do an eisen Aen e gesonden Equiliber erausschielen oder apendelen tëschent engersäits dem noutwendege Virgoe géint sougenannte schwaarz Schof, an anerersäits dem Risiko vun eventueller Demotivéierung vun den Agenten.

Wa mer also, Dir Dammen an Dir Hären, eng noutwendeg Opstockung vun den Effektiver ënnerstëtzen, sou wëlle mer awer anersäits virun der Illusioun warnen, datt haaptsächlech doduercher d'Problemer vun der Kriminalitéit hei zu Lëtzebuerg ze léise wieren.

Kriminalitéit ass et iwwerall op der Welt, an ënnerschiddlechem Ausmooss an ënnert ënnerschiddleche Formen, ëmmer ginn, an dat wäert leider och nach länger Zäit sou bleiwen, an domadder verbonnen natierlech och d'Noutwendegkeet vun der Gesellschaft fir hir eenzel Memberen ze schützen. Mir erwaarden a fäerte souguer, datt am Kader vun där globaliséierter, ëmmer méi néo-liberaler, dat heescht ultra-kapitalistescher Welt déi international Kriminalitéit ënner ville vun hire Formen - Fraen- a Mënschenhandel, Korruptioun, Finanzbetrug, mä a Form och vu wuessender Klengkriminalitéit - riskéiert weider zouzehuelen, quitte dass mer, am Moment jiddefalls nach, hei zu Lëtzebuerg, opgrond vun eise relativ héije soziale Sécherheetsstandarden, nach deelweis dovunner méi protégéiert bleiwen.

Mir hunn zwar, an dat soen d'Zuele vum Rapport d'activité vun 2001 vun der Police grand-ducale, haaptsächlech eng kleng Kriminalitéit. D'Klauen, Abréch, Autosklau, Vandalismus an esou viru leien op engem relativ héijen Niveau, engem Niveau deen allerdéngs an deene vergaangene fënnef bis sechs Joer net geklommen ass, mä tendenziell souguer liicht ofgeholl huet. Fir dësen awer relativ héijen Niveau gëtt et jo och iwwerflächlech gekuckt eng Partie Ursaachen: e relativ héije Liewensstandard, eng héich Konzentratioun vu Banken, vu Geschäfter, vun Tankstellen, vu Protzvillaen, Protzautoen an esou virun, wou an der Sprooch vum Métier geschwat ebe liicht Suen ze huele sinn. A mir hu bekanntlech och Grenzen déi ganz no sinn, mä mir bleiwe glécklecherweis nach wäit ewech vun

Zoustänn a munchen auslännesche Groussstied a virun allem Wunnghettoen, do wou d'Kriminalitéit a ganz aneren Dimensioune gutt fonctionnéiert, vum Här Bush sengem fräien Amerika iwwerhaapt net ze schwätzen.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, wier ech bei deem Punkt ukomm, dee fir eis Gréng u sech den Haaptpunkt ass fir d'Kriminalitéit kënnen ze bekämpfen, nämlech dee vun der Preventioun. Jiddereen heibannen ass natierlech d'accord mat dem Prinzip „mieux vaut prévenir que guérir" vun deem an der Gesondheetspolitik bekanntlech esou vill geschwat gëtt, fir deen an der konkreter Praxis awer esou wéineg gemaach gëtt. Hei a Saache Preventioun vun der Kriminalitéit goufe mam Gesetz vun 1999 och eenzel nei Akzenter gesat mat der Aféierung vu Commissariats de proximité a regionalen a kommunale Konzertéierungsstrukturen tëschent Gemengenautoritéiten, der Zivilgesellschaft an den zoustännege Sécherheetskräften, wat eng positiv Entwécklung war a scheinbar gréisstendeels éischt positiv Resultater mat sech bruecht huet.

Fir definitiv kënnen ze jugéieren, musse mer wahrscheinlech nach zwee, dräi Joer waarden, an et kann ee jo dann, falls noutwenneg, néideg Verbesserunge virhuelen, virun allem um Gebitt vu genuch a méi motivéiertem Personal bei de Sécherheetskräfte selwer, op där anerer Säit awer och wat eng nei Preventiounsmentalitéit bei de Gemengeverantwortlechen a bei der Zivilgesellschaft selwer betrëfft.

Mä wa mer, Dir Dammen an Dir Hären, vun dëser Zort vu polizeilecher an ziviler Preventiounspolitik schwätzen, déi mer wéi gesot begréissen, esou däerfe mer awer net vergiessen dass dat am Fong just eng secondaire, eng nohuelend Preventiounspolitik ass. Eng primär Preventiounspolitik géif bedeiten, déi sozial a gesellschaftlech Ursaache vun der Kriminalitéit ze bekämpfen, an dat sinn niewent der Kriminalitéit vun de Räichen - Steierbedruch, Finanzkriminalitéit, Drogenhandel an esou virun - virun allem awer och déi skandaléis sozial Ongläichheeten an Ongerechtegkeeten an déi skandaléis gesellschaftlech Diskriminatiounen, déi mer haut weltwäit leider nach ëmmer hunn an déi ënnert deenen neien néo-liberalen oder reliéis fundamentalistesche Relioune vun Dag zu Dag nach weider zouhuelen.

Et ass zynesch betruecht keen Zoufall, dass zum Beispill e Land wéi d'USA, wou d'Inégalitéiten, verbonne mam Problem vum Rassismus, esou risegrouss sinn, och dat Land ass wou wahrscheinlech mat déi meeschte Leit an de Prisonge sëtzen. Den Här Bush hätt a mengen Ae wierklech genuch ze dinn an hätt souguer eng sënnvoll Jorhonnertaufgab viru sech fir am eegene Land fir Demokratie, Fräiheet a sozial Gerechtegkeet ze suergen, ier hien domadder iwwer Bommen anscheinend de Mëttleren Oste wëllt beglécken.

Et muss ee sécherlech net esou wäit goe wéi de berühmten däitschen Theaterschréftsteller Berthold Brecht, deen an den 30er Jore vum viregte Jorhonnert sënngeméiss d'Fro opgeworf huet, wat eigentlech méi kriminell wier: An eng Bank anzebriechen oder eng Bank ze besëtzen? Fest steet an eisen Aen op jidde Fall, dass krass sozial oder gesellschaftlech Ongerechtegkeeten an Diskriminéierungen de Nährbuedem si vu Frustratioun, vun Demütegung a vun Aussiichtslosegkeet, an dohier och vun Aggressioun. Eng Aggressioun, déi sech entweder da géint sech selwer oder awer géint d'Gesellschaft, géint aner Leit a géint d'Ëmwelt riichte kann.

Nu liewe mer glécklecherweis hei net an der Bronx oder an anere Ghettoen, mä hei zu Lëtzebuerg. Mä och hei zu Lëtzebuerg spillen eng Rei vu sozialen a gesellschaftleche Problemer eng Roll bei der Entstehung vun der Kriminalitéit. Ech wëll der just e puer dovunner opzielen: d'Proximitéit vun de Grenzen, dee vill méi héije Chômagetaux an de Regioune ronderëm eis, d'Konzentratioun vu wirtschaftlechem Räichtum am Ëmfeld vun eiser Haaptstad an aner sozial Problematike spillen och hei zu Lëtzebuerg eng ganz grouss Roll.

En anert Beispill, fir nëmmen eent hei bei dëser Interventioun stellvertriedend ervir ze sträichen, ass dat vun der Jugendkriminalitéit, déi onbestreitbar gewëssen Ausmoossen ugeholl huet a sech an ënnerschiddleche Formen äussert: Vandalismus, Drogendelikter, Beschafungskriminalitéit, Erpressung vu Schüler a Schoulen oder um Heemwee an esou virun. Am Beräich vu sougenannte Suchtdelikter maache vill Jonker datselwecht wéi vill Aler. Si fëmmen an drénken esou wéi déi Al, mat dem Ënnerscheed dass se kaum méi en Ënnerscheed maachen tëschent Nikotin, Alkohol oder Cannabis oder nach anere Saachen, mat deem Ënnerscheed dass dëst lescht Suchtmëttel, de Cannabis, penal awer bestrooft gëtt an déi aner offiziell erlaabt sinn.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Eis Haltung heescht keng Kriminaliséierung méi vu jonken Toxikomanen, mä Repressioun géint d'Drogemafiaen a géint d'Groussdealeren. Eis Motioun heescht kontrolléiert Ofgab an d'Schafung vu Fixerstuffe fir engersäits géint Aids an anerersäits géint d'Beschafungskriminalitéit kënne méi effikass preventiv virzegoen. Dës Politik vun deene Grénge brauch ech op dëser Plaz net nach eng Kéier am Detail hei ze widderhuelen, mä si wier an eisen Aen awer hëllefräich fir preventiv ze wierken.

Ech wollt an dësem Kontext awer emol de Minister froen awéiwäit dat neit Gesetz, dat d'Strofe jo elo erofgesat huet, iwwerhaapt eppes bewierkt huet. Gëtt et elo am Bezuch op Jugendlecher manner Repressioun, manner Poursuiten? A wann net, misst een dann net dorauser déi noutwenneg Konklusiounen zéien? Mir mengen, wa mer nach e wéineg iwwert d'Ursaache vun der Jugendkriminalitéit hei schwätzen, dass mer dann net derlaanscht kommen iwwert d'Orientéierungslosegkeet an eiser Gesellschaft, vu munchen Elteren, also och vun eelere Leit, awer och iwwert déi berüchtegt PISA-Exploitë vun eisem Schoulsystem ze schwätzen, déi an eisen Ae mat der Klengkriminalitéit vu Jugendlecher ze dinn hunn.

Wann ech vun Orientéierungslosegkeet vun Eltere schwätzen, esou mengen ech dobäi op där enger Säit eng wuessend diffus kulturell geeschteg a séileg Iwwerfuerderung vu munchen Erwuessenen duerch déi Welt an där se schaffen a liewen. Ech mengen awer och e Verloscht u soziale Wäerter, haaptsächlech vun der Solidaritéit oder eng wuessend Veronsécherung vis-à-vis vu gesellschaftlechen a kulturelle Wäerter. Wäerter, déi sech an deene vergaangene Joren ënnert dem Afloss vun eisen ëmmer méi kommerzielle Schlappekinoe mat hire voyeuristesche Soapoperetten ëmmer méi schnell relativéieren.

Wat ass haut dann nach richteg a wat ass falsch? Dat schéngt mer eng Fro ze sinn, déi haut zounehmend net eleng méi vu Jonken, mä och zum Deel vun Erwuessenen, vun hiren Elteren, net méi definitiv richteg beäntwert gi kann. Doniewent hu mer - an dat huet ënner anerem och d'PISA-Etüd bewisen - e Schoulsystem, deen net egalitär ass, dee keng Chancëgläichheet a Chancëgerechtegkeet fir déi schwaach Schüler garantéiert. Mir hunn e Schoulsystem dee vill ze vill selektiv ass, deen den Auslännerkanner, awer och munch schwaachem Lëtzebuerger Schüler net genuch Chancë gëtt. E Schoulsystem dee ronn 50%, dat heescht vill ze vill Jonker hannenno ouni iergendeen Diplom oder iergendee seriöen Ofschloss entléisst.

Ouni Diplom heescht awer praktesch och ouni gréisser Beruffschancen. Dat si vill ze vill Jonker, déi an der Schoul praktesch permanent nëmmen Echecen erlieft hunn, Echecen déi permanent Frustratiounen an domadder och Aggressioun kënne provozéieren, wat an eisen Aen wann net souguer eng wichteg Ursaach vun deene Klengkriminalitéitserscheinungen vu Jugendkriminalitéit, vu Vandalismus, Klauen, Erpressen, Jugendbanden an esou virun ass, vun deenen ech virdru geschwat hunn. A well villes fir dës Thees schwätzt, kann d'Polizei op dësem Gebitt vläicht e wéineg pléischteren, e wéineg dozou bäidroe fir dat ze prevenéieren, mä si kann u sech awer grosso modo net vill dorunner änneren.

Et sinn also haaptsächlech gesellschaftlech Ursaachen, sozial Ursaachen an e verkorkste Schoulsystem, déi à l'origine vun der Jugendkriminalitéit stinn, an dës Ursaache musse mer als Politiker bewältegen. Dat ass net d'Aufgab vun der Polizei. Dat musse mer als Politiker maachen, wa mer dëse Phenomeen wëlle besser an de Gréff kréien.

Wat aner Forme vu Kriminalitéit betrëfft, déi mer a genaue Chifferen am Rapport d'activité vun der Police erëmfannen, esou ass et onméiglech op alles anzegoen. Ech wéilt der dorauser vläicht just a Form vu Froen e puer erauspicken an nofroen. Zum Beispill par rapport zu den Délits de l'environnement, deenen et der jo och genuch, a mengen Ae souguer ze vill gëtt, gëtt am Joer 2001 geschwat vu 1.533 Kontrollen, déi do effectuéiert gi sinn an déi vun der Ëmweltpolizei festgestallt gi sinn. Här Minister, krut Der do - dat géif mech interesséieren - eventuell méi genaut Informatiounsmaterial ëm wat fir eng Ëmweltdelikter et sech do gehandelt huet a wéi ass et do mat enger méi effikasser Preventiounspolitik?

En zweete klengere Problem ass - net e klengere Problem, d'Madame Wagener ass bestëmmt elo rose mat mer, well ech dat Wuert e klengere Problem gesot hunn, well et effektiv e grousse Problem ass -, duerfir soen ech deen zweete Problem, dat sinn d'Delikter vu Gewalt géint Fraen, wou Plainten an eisen Aen nach ëmmer vill ze vill einfach klasséiert ginn. Wéi ass et do, Här Minister, mat dem Projet de loi, fir dass do den Täter aus der gemeinsamer Wunneng erausgehale gëtt, wou d'Polizei bis elo nach net vill Méiglechkeeten hat? Wéini soll dëse Projet de loi endlech ëmgesat ginn?

Och eng aner Fro, an dat a Bezuch op d'Vitessekontrollen insgesamt, mä virun allem Vitessekontrollen an den Uertschafte selwer. Wie mat 90 oder 100 duerch eng Uertschaft fiert, an dat liest een ëmmer erëm an der Zeitung oder et héiert een et am Radio, setzt domadder ganz kloer d'Liewe vu Kanner oder eelere Leit op d'Spill an ass domadder, a mengen Aen, e potenzielle Mäerder. Missten op deem Plang net carrément, Här Minister, d'Repressioune verschäerft ginn? Ech si keen deen am Allgemenge fir méi staark Repressioun antrëtt, ech sinn éischter fir Preventioun, mä an dësem Fall mengen ech datt do d'Repressioun vill méi schaarf misst gemaach ginn.

Et kéint ee sécherlech nach munch aner Form vu Kriminalitéit uschwätzen. Dat ass awer aus Zäitgrënn hei elo net méiglech a géif en eegenen Débat erfuerderen. Zum Beispill dat och wat vum Här Henckes ugeschwat ginn ass, dee ganze Komplex vun der Criminalité organisée a vun der Criminalité financière, wou Lëtzebuerg jo net dovunner verschount bleift a wou mer periodesch ëmmer erëm - nach virun zwee, dräi Deeg - mat neien Affäre konfrontéiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, zu den Erneierungen, déi am Rapport d'évaluation ugeschwat ginn an iwwert déi mer mam Syndicat vun der Police am Virfeld vun dëser Debatt eng Kéier kuerz diskutéiert hunn, just e puer Bemierkungen.

Iwwert d'Noutwendegkeet vun der Behiewung vun den nach bestehende Personalmängel hat ech scho geschwat an och vun där u sech scheinbar positiver bishereger Erfahrung mat de Commissariats de proximité a mat de kommunalen oder regionale Preventiouns-a Concertatiounsstrukturen. Vu Säite vun de Syndikatsvertrieder ass d'Reform an deem Sënn relativ begréisst ginn, mä si hunn awer drop higewisen, datt een de Risiko misst vermeiden datt an de Centres de recherche net méi genuch Enquêteure selwer do wieren an datt doduerch de Risiko kéint verstäerkt ginn, datt de Suivi an der Recherche géif e wéineg ënner d'Rieder geroden.

Wat d'Coopération policière iwwert d'Grenzen eraus betrëfft, déi jo elo geschafe ginn ass, wat mir och begréissen, esou däerf dat sech an eisen Aen awer net op de Verwaltungsniveau beschränken. Et misst am Géigendeel am Sënn vu vereinfachte Prozeduren an och vereinfachte Weeër erméiglecht an och vereinfacht ginn, fir iwwert d'Grenzen eraus an der Grenzregioun kënnen ze enquêtéieren, natierlech an Zesummenaarbecht mat den dortege Polizeikräften an och viceversa.

Wat d'Police judicaire an hir national Missioune géint d'Grousskriminalitéit betrëfft, esou war do bekanntlech grad wéinst eiser exponéierter Situatioun an Europa e groussen Nohuelbedarf, an dee besteet, trotz Neiastellung vun 20 Leit elo, an eisen Aen, zum Deel awer nach weider. Et war ënner anerem wéinst Recrutéierungsschwieregkeeten, mä net nëmme wéinst Recrutéierungsschwieregkeeten, absolut noutwendeg op Zivilpersonal aus de Beräicher Justiz, Kontabilitéit, Ekonomie a Finanzen zréck ze gräifen. Wichteg an deem Kontext ass an der Kollaboratioun tëschent dem Polizeipersonal an dem neien Zivilpersonal vun der Police judiciare allerdéngs eng kloer Délimitatioun vun de jeeweilege Kompetenzen, déi jo awer am Prinzip festgeluecht sinn, awer déi dann och am géigesäitege Respekt agehale musse gi fir datt do onnëtz Reiwereie kënne vermidde ginn.

Um Niveau vum Personalmangel gëtt och am Rapport drop higewisen, datt bei de Brigadiere Problemer bestinn, déi méiglecherweis mam aktuelle Recrutéierungsmodus a Relatioun bruecht kënne ginn. Wann dat esou ass, datt et dorunner hänkt, da sollt dat ebe geännert ginn, mä et hänkt vläicht awer och zesumme mat der Brigadierscarrière selwer, déi anscheinend net besonnesch attraktiv soll sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen esou lues zum Schluss. Dat ware just e puer eenzel Problemer an dësem Kontext, déi ech haut de Mëtteg hei wollt kuerz uschwätzen. Mir wäerten, dat ass kloer, haut net op all dës Problemer Äntwerte fannen. Ech wier awer frou wann den Här Innenminister op eng Rei vun dëse Froe géif konkret agoen, virun allem déi wat déi zukünfteg Personalplanung betrëfft, well jo awer och aus den Altersstatistiken eraus ze liesen ass, datt mer riskéieren an zousätzlech Problemer eran ze kommen, well et jo eng ganz Partie vu Leit bei der Police awer gëtt, déi net ganz wäit méi vum Pensiounsalter ewech sinn.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech hei nach eng Kéier widderhuelen, datt den heitegen Dag, knapp zwee, dräi Joer nom A-Kraaft-triede vum neie Gesetz, et mir ze fréi schéngt fir elo wierklech definitiv Konklusioune kënnen ze zéien. Mir mussen do nach dat eent oder dat anert Joer ofwaarden.

E leschte Saz fir ofzeschléissen. Well et jo net esou geméinlech ass, datt mer als Gréng mat der CSV- a mat der DP-Regierung averstane sinn, wëll ech awer soen datt mer kee Problem hunn déi Motioun, déi hei vum honorabelen Här Halsdorf déposéiert ginn ass, ze ënnerstëtzen, och wa mer bedaueren datt an dëser Motioun den Aspekt vun der Preventioun vun der Kriminalitéit net ugeschwat gëtt, mä mat de Moossnamen, der allgemenger Richtung vun deem wat do soll gemaach ginn, kënne mer d'accord sinn.

Merci.

**M. le Président**.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll virausschécken, bei deem wat ech elo soe wäert, dass ech natierlech och d'Wichtegkeet agesi vun der Police fir d'Sécherheet vun der Bevölkerung an dass dat, wat ech elo u Kriticke wäert ubréngen, sech kengeswegs géint déi Funktioune riicht, zum Beispill och net géint déi wichteg Funktioun déi d'Police huet als Auxiliaire de justice.

Mä, ech mengen et ass awer ee Facteur deen hei an dëser Debatt muss berücksichtegt ginn, an en ass och schonn deelweis vu mengem Virriedner ugesprach ginn, dass wann op där enger Säit vun der Gesellschaft eng Konzentratioun vu Räichtum ass, dat op där anerer Säit och eng Konzentratioun vun Aarmutt mat sech bréngt, vu Précaritéit a vun Exklusiounen, an dass et forcément de staatlechen Asaz mat sech bréngt fir dee Räichtum ze verteidegen.

Eng sozial ongerecht Gesellschaft ass geméinlech och eng repressiv Gesellschaft, a wat se méi ongläich ass, wat se méi repressiv gëtt. Dat gesi mer zum Beispill an den USA, wou jo en typescht Beispill fir esou eng Gesellschaft ass, menger Meenung no.

Wéi Lëtzebuerg, Här President, nach säi Räichtum der Stolindustrie verdankt huet, wéi an den Nokrichsjore bis Ufank vun den 80er Joren e gewëssene bescheidene Räichtum, virun allem bei den Aarbechter a bei anere klenge Leit, entstane war, wéi dee Räichtum an der Gesellschaft nach relativ gläich verdeelt war, du war et och relativ roueg am Land. Déi Zäit ass den Duerf- a Quartierspolizist nach dacks mam Vëlo duerch d'Strooss gefuer. Hie war och meeschtens…

***(Interruption)***

…nëmme reaktiv, hie war net aktiv a proaktiv, wéi dat haut vun enger richteger Police de proximité jo verlaangt gëtt.

Haut huet Lëtzebuerg eng aner international Bedeitung. Als grouss Bankeplaz, als zweetgréissten Zenter vun Investmentfongen op der Welt a mat sengem visiblen Etalage vu Räichtum, als Sëtz och zum Beispill vun engem grousse Konzern, dem Arcelor-Konzern, deen als „global player" weltwäit monter restrukturéiert, als Sëtz vun den europäeschen Institutiounen, wou Décisioune geholl gi vu Beamten a vu Regierungen amplaz vu Parlamenter, als Aarbechtsmaart fir Zéngdausende vu Frontalieren, déi heihi schaffe kommen op d'Bankeplaz, mä och an all méiglech Nischesecteuren, déi awer am Ausland wunnen a wou gefaart gëtt dass se mol eng Kéier kéinten aktiv gewerkschaftlech Gewunnechte

mat bréngen, wann et zu rabiaten Entloossungen an deene Secteure kënnt an zu anere Moossname vun der Patronatswillkür, wéi mer et jo all Dag an den Zeitunge liesen, an och als Unzéiungspunkt vu Flüchtlinge virun der Aarmutt an der Welt ass Lëtzebuerg haut e gewëssenen Unzéiungspunkt.

Mir sinn awer haut allen Eventualitéite gewuess. Haut hu mer zum Beispill, an dat hunn ech och am Bericht gelies, 24 Camionnettes de maintien de l'ordre. Et sollen der nach 12 dobäi kommen, och véier nach fir d'Kommandante vun där neier Compagnie d'intervention rapide de maintien de l'ordre.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Och Waasserwerfer.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Op d'Waasserwerfer kommen ech nach, Här Di Bartolomeo. Déi Gefierer heeschen "charroi de maintien de l'ordre". Dat hunn ech wierklech am Dictionnaire mol mussen nokucken: Dat huet mech esou bëssen erënnert un déi réimesch gepanzert Gefierer. Charroi ass eng Fuhre. Ech géif dat also iwwersetzen als ordnungsschaffende Fuhre. Déi Gefierer si virun allem do fir mat de Manifestante bis hanner Bitscht ze fueren. Ech wëll mol hei zitéiere wat déi alles kënnen, déi Gefierer: „Contrairement aux camionnettes normales que la police utilise, les camionnettes d'une compagnie de maintien de l'ordre doivent être considérées comme des véhicules tactiques…

**Une voix**.- Yes, Sir!

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Aha, mir sinn am Krich.

…dont les fonctionnalités doivent correspondre aux exigences opérationnelles de la stratégie et du dispositif mis en place et fournir une protection efficace pour le personnel transporté." Wuel verstanen net fir d'Manifestante ronderëm. „Elles font partie intégrante de l'idée de manœuvre." Ech muss soen, déi martialesch Beschreiwung do, déi huet mer besonnesch gutt gefall.

Natierlech gehéiert och zu enger generalstabsméisseger Organisatioun eng Tenue de maintien de l'ordre, fir dass se wéi Marsmännercher ausgesinn, wa se mam Pepperspray dorëmmer spritzen. Pepperspray hunn ech och gekuckt: Dat ass ee Moyen de neutralisation non létal, also net déidlech. Dat huet mech iergendwéi berouegt.

Wéi déi belsch an däitsch Stolaarbechter virun den ARBED-Sëtz demonstréiere komm sinn, stoungen d'Wasserwerfer an aner strategesch-taktesch Manövergefierer, déi bei de Belsch elo emol virleefeg geléint gi sinn, prett. „Allein der Umstand", schreift d'Tageblatt haut, „dass sich das Wohlstandparadies Luxemburg genötigt sah technische Hilfsmittel gegen die Fäuste von Benachteiligten anzuforderen, lässt tief blicken".

Op europäescht Bestriewe gëtt en neie Sécherheetsstat opgebaut. Europol, Eurodac, SIS-Informatiounsystem vu Schengen sinn net demokratesch kontrolléiert vun enger onofhängeger europäescher Justiz a vun engem europäesche Parlament. Während an engem Rechtsstat eng Infraktioun ënnersicht gëtt, wa se geschitt ass, gëtt elo ëmmer méi op preventiv Ënnersichunge Wäert geluecht. Wann zum Beispill en europäesche Sommet an engem Land ass, da renseignéiere sech scho Méint virdrun an deenen anere Länner d'Policë wie susceptibel ass aus hirem Land dohinner demonstréieren ze kommen. Ech hu gelies an engem Manuel fir Polizisten, zu deem Zweck extra ausgeschafft vum europäesche Conseil den 12. November 2002, wou an der Annexe e Formulaire dobäi ass, deen iwwertitelt ass: „Analyse des risques afférents aux manifestants potentiels et autres groupes", a wou da folgend Renseignementer gefrot: ginn: „Nom du groupe connu susceptible de manifester ou de perturber l'événement d'une autre manière; composition du groupe; nombre de membres; signes distinctifs" an esou weider. Ech froe mech, Dir Dammen an Dir Häre: Ginn och d'Banquieren esou ënnersicht, wa se hei op Lëtzebuerg kommen?

Wien déi lescht Zäit gesinn huet, wat fir mënschlecht Leed d'Wirtschaftskriminalitéit ervirrifft, ka vläicht haut besser verstoe wat de Berthold Brecht an den 20er - oder war et an den 30er? - Jore gesot huet. Ech ka mer dat Zitat net verknäifen, och wann den Här Huss et scho gebraucht huet, wat dann den Iwwerfall vun enger Bank wier am Verglach zur Grënnung vun enger Bank? An dat waren ähnlech Zäite wéi haut.

Et ass bekannt dass d'Wirtschaftspolizei fuerchtbar ënnerbesat ass an hirer Verantwortung net nokënnt. Wéi ech am August d'Fro gestallt hunn un d'Regierung, wéi et mat deem accablanten Audit iwwert d'Section économique et financière wier, op déi de belsche „Soir" higewisen hat, hunn ech geäntwert kritt, d'Chamber géif scho mat Zäiten Informatioune kréien. De Rapport läit awer, mengen ech, haut nach net vir.

***(Interruption)***

Awer nach net der Chamber, voilà. An an deem Text hei hunn ech gelies, och d'Reorganisatioun vun der Police judiciaire wier nach guer net an Ugréff geholl, ausser dass 20 nei Poste geschafe gi wieren, wier nach näischt geschitt.

Déi Wirtschaftskriminell zum Beispill, déi déi frauduleuse Failliten um lafende Band produzéieren an Honnerte vu Leit an de Misär geheien, ziddere wahrscheinlech vun Angscht wa se d'Camionnettes de maintien de l'ordre gesinn a wa se d'Waasserwerfer gesinn, déi hei opgebaut gi vun den Dupond et Dupont vun der Lëtzebuerger Justiz an Innenpolitik, vun den Häre Frieden a Wolter. Je dirais même plus.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dräi Joer no Akraaftsetzung vun der Reform vun der Polizei an der Gendarmerie, der Reorganisatioun vun der Police, kann ee kloer feststellen, dass déi Reform noutwendeg, richteg war an och positiv Resultater iwerweien. Elo kënnt ee sech als politesch Verantwortlech, déi dat Gesetz deemools gestëmmt hunn, op d'Schëller klappen an dann zur Dagesuerdnung iwwergoen. Et däerf een awer net vergiessen, wann een dat Gesetz bilanzéiert, dass et net d'Politiker waren déi d'Gesetz a Musek ëmgesat hunn, mä d'Leit um Terrain. An do wëll ech deene Jongen a Meedercher, déi an Uniform déi heite Reform an d'Praxis ëmgesat hunn, Dammen an Häre selbstverständlech, mäi Respekt ausdrécken, well et net einfach war a well et vill Engagement, Motivatioun verlaangt huet, dass mer aus där Reform, déi um Räissbriet entstanen ass, eng praktesch geliefte Reform konnte maachen.

Dat gesot, géif ech mengen, dass déi Diskussioun, déi mer haut féieren, un Aussokraaft gewonnen hätt, wa mer déi rezentst Statistiken iwwert d'Evolutioun um Terrain hätte kënne virleeën, dat heescht d'Evolutioun vun der Kriminalitéit an der Delinquenz an deem leschte Joer, well wann een eng Reform bilanzéiert, da kann een dat iwwert dee Wee maache wéi mer dat gréisstendeels de Mëtteg gemaach hunn, kucke wivill Leit bäikomm sinn, wivill Infrastrukture bäikomm sinn, wivill Material bäikomm ass. Mä et kann een et och esou maachen, dass ee sech d'Fro stellt, wat ass um Terrain geschitt, no de Statistike selbstverständlech, mä och wat d'Sécherheets- an d'Onsécherheetsgefill vun de Leit ugeet. An do wëll ech drun erënneren, dass op Initiativ vun der Police eng ganz interessant Enquête gemaach ginn ass virun zwee Joer iwwer d'suggestiivt an d'objektiivt Onsécherheetsgefill bei de Leit, wou eng Rei vun interessante Konklusiounen erauskomm ass. Selbstverständlech, wann een déi ILReS-Ëmfro anstänneg an net iwwerflächlech liest, da soll een net zu vireilege Konklusioune kommen. Mä et sinn awer zwou Konklusiounen déi mech e bësse beandrockt hunn, déi aus där ILReS-Ëmfro aus dem Joer 2001 erauskomm sinn.

76% vun de Befrotenen haten d'Impressioun, dass an deene leschte Joren hiert Onsécherheetsgefill méi grouss ginn ass, ouni awer dass dat Gefill, am Verglach zu deem wat se am Ausland beobachten, zu gréisserer Besuergnis hätt kënnen Ursaach ginn. Dat heescht, si hunn d'Sécherheetsgefill objektiv-suggestiv hei zu Lëtzebuerg awer jiddefalls net méi schlecht ageschat wéi am Ausland.

An deen zweete Chiffer dee mech beandrockt huet an deen engem och reell Suerge muss maachen, dat ass dass bal 50% vun de Leit ausgesot hunn an där Ëmfro, dass wa se mat Delikter konfrontéiert gi sinn, dass se déi net gemellt hunn. An d'Erklärungen, firwat dass se se net gemellt hunn, sinn zum Deel aliichtend, well en Deel vun de Leit gesot huet, et war net esou schlëmm. Dat liicht engem an, dass een et dann net mellt. En aneren Deel huet gesot, dat huet kee Sënn. Do muss ee schonn dat hannerfroen, an en aneren Deel, 17%, vun de Leit hu gemengt missten ze soen, dass d'Polizei souwisou näischt géif maachen.

Dat si Feststellungen déi engem Suerge musse maachen. an do muss ech och feststellen dass an der Praxis, an där gelieftener Praxis - an den Här Huss huet virdru vum Commissaire vun Diddeleng geschwat, Hilfssheriff vun Diddeleng geet duer -, do gi sech seriö Gedanken driwwer gemaach am Verbond tëschent Gemeng, tëschent der Polizei, tëschent dem Parquet an an direkter Zesummenaarbecht mat de Leit, well deem Onsécherheetsgefill, deem suggestiven Onsécherheetsgefill an och deenen Impressiounen, menger Meenung no, zum Deel falschen oder falsch ëmfonntenen Impressioune vun de Leit, kann een nëmmen doduerch entgéintwierken, wann een am direkte Kontakt mat de Leit ass a wann een de Leit explizéiert, wéi se sech solle verhale wa se mat Delikter konfrontéiert ginn, déi se selwer betreffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zréck zu der Reform an der Bilanz. Et ass virdru gesot ginn, dass d'Deputéierten hei an der Chamber déi Reform als Jorhonnertreform duergestallt hunn. Dat stëmmt. De Kolleeg Willy Bourg, dee leider net méi bei eis ass, war deen deen déi Reform als Jorhonnertreform duergestallt huet an drun erënnert huet, dass mer 30 Joer iwwert déi Reorganisatioun hu misse schwätzen, ier mer déi éischt Etapp konnten aleeden. Et deet mer Leed, dass de Will an Zukunft net méi bei der Mise en musique vun där Reform kann dobäi sinn, well hien, an dat ass ganz éierlech gemengt, ee vun deene wesentlechen Artisane vun dëser Reform war, well en an där méi quokeleger Phas ëmmer dru gegleeft huet a gehollef huet fir dat an d'Praxis ëmzesetzen.

De Kolleeg Alex Bodry huet drop higewisen, dass den heitege Koalitiounspartner, wéi en an der Oppositioun war, eng liicht aner Positioun dozou hat. Ech wëll net nach eng Kéier all déi Zitater bréngen. Ech wëll awer drop hiweisen, dass den Här Rippinger deemools ënnerstrach huet, dass déi Reform net kënnt klappen, well net genuch Leit do wären. Dat war seng Feststellung an hien huet gemengt, dass ee fir d'éischt hätt misse fir d'Leit suergen an dann d'Reform an d'Musek ëmsetzen.

Abee, Här Rippinger, dat ass ee vun deene Punkte wou mer fundamental anerer Meenung sinn, well mer haut feststellen dass dat agetraff ass, wat den Här Rippinger der Reform net zougetraut huet. Während mer Schwieregkeeten hate virun der Reform Leit ze fannen, hu mer et no der Reform fäerdeg bruecht déi Leit ze fannen déi mer brauchen, fir déi Reform um Terrain a Kraaft ze setzen; ce qu'il fallait démontrer. Ech sinn der Meenung, dass mer d'Reform gebraucht hu fir kënnen op d'Problemer um Terrain ze reagéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een haut, sécher net am leschte Stadium vun där Reform, kuckt, da muss een eng ganz Rei vu positive Punkten ervir sträichen. Dat ass d'Presenz 24 Stonnen op 24 um regionale Plang, déi wäitgehend garantéiert ass, dat ass de Konzept vun der Proximitéit deen, op deene Plaze wou et eng Proximitéit gëtt, ganz staark Fortschrëtter erlieft huet, et ass déi verstäerkte Presenz um Terrain, och wa se net iwwerall garantéiert ass, et ass déi systematesch an institutionaliséiert Kollaboratiouun mat de lokalen Autoritéiten, wou et net manner Zesummenaarbecht um Terrain gëtt, mä méi Zesummenaarbecht.

An do ass déi zweet fundamental Meenungsverschiddenheet zwësche mir an zum Beispill dem Här Rippinger. Den Här Rippinger bedauert, dass de Buergermeeschter net méi déi Polizeigewalt huet, déi e viru 15 Joer ewech geholl kritt huet. Ech hu bis haut keng Levée de boucliers vu Buergermeeschteren héieren, déi déi dote Polizeigewalt gären erëm hätten. Et ass méiglech, dass dat an der Stad Lëtzebuerg de Fall ass, grad wéi et an der Stad Lëtzebuerg de Fall ass dass d'Stad Lëtzebuerg insistéiert op nei Missioune fir d'Agents municipaux. Ech hunn awer och a kenger anerer Gemeng eng Lévee de boucliers héieren, fir dass d'Agents municipaux nei Missioune solle kréien, dass et zu enger Verwëschung vun de Missiounen zwëschent den Agents municipaux an der Polizei soll kommen an dass d'Agents municipaux Missioune sollte kréie fir déi se iwwerhaapt net virbereet sinn an déi se, wann Dir mat hinne schwätzt, och net wëllen, an op déi Problemer hiweisen, déi dat dote géif bedeiten.

Mir hunn eis sengerzäit ganz kloer ausgedréckt bei der Reform, mir hunn aus zwee Corpsen ee gemaach, wou mer gemengt hunn, dass dee Corps net méi oder manner der Gefor vun der Verzettelung ennerläit wéi wann et zwee Corpse sinn. Da gi mer de grâce net haut erëm eng Kéier, doduerch dass mer an alle Gemenge Corpse vun den Agents municipaux schafen, erëm eng zweet, eng parallell Polizei schafen. Wann Dir also, Här Minister, bei esou Debatte wéi déi hei, kloer Aussoe wëllt, vun eis kritt Dir eng ganz kloer Ausso: Mir wëllen net en zweeten neie Polizeicorps oder quasi Polizeicorps, mir wëlle keng Parallellpolizei a mir wëllen och keng hallef Privatpolizei.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Mä Här Bartolomeo, wéi ass et da mat der Douane?

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Ma ja, do wollt ech just drop zréckkommen. Dat ass eng ganz gutt Zwëschebemierkung déi Dir gemaach hutt, well ech hätt Iech dat souwisou gefrot. Dir sidd jo virun e puer Joer nach an der Oppositioun gewiescht, a wéi Dir an der Oppositioun waart hutt Dir gesot: Wa mer wëllen eng anstänneg Fusioun maachen, ma jo da kommt mer maachen net nëmmen eng Fusioun zwësche Polizei a Gendarmerie, mä mer maachen eng Fusioun vun deenen dräi Corpsen.

D'DP huet also ganz kloer an där Debatt iwwert d'Reform dofir plädéiert, dass mer d'Douane sollen an déi Fusioun eranhuelen. Här Rippinger, Är Partei huet déi heite Motioun, déi eis virläit, mat ënnerschriwwen, an ech gesi kee Punkt an där Motioun déi dofir antrëtt, dass d'Douane an deen neie Corps soll erageholl ginn. Selbstverständlech ass et net ze spéit.

***(Interruption)***

Ech soen et ganz kloer, Här Rippinger, wann Dir et wëllt héieren: Mir waren op der Generalversammlung vun der Douane, d'CSV war op der Generalversammlung vun der Douane an den Här Belling war och op der Generalversammlung vun der Douane.

**Une voix**.- Très bien.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- A mir hunn do ganz interesséiert den Ausféierunge vun de Kolleege vun der Douane nogelauschtert, mir hunn och Gehéier fir hir Problemer um Terrain gehat, an ech kann Iech soen dass kee vun deene vertruedenen Deputéierten der Meenung war, dass d'Douane soll an eng Fusioun erakommen. Ech stelle fest, dass Är Partei haut ganz kloer gesot huet, dass d'Douane soll mat der Polizei fusionéiert ginn.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Neen, mir soe just nëmmen, dass awer trotz allem nach eng Polizei oder eng Douane mat Polizeigewalt doniewent soll fonctionnéieren. Dat soe mer. Mir hunn net gesot et soll ee se ofschafen.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- An 1999 hutt Dir gesot, si misst mat fusionéiert ginn. An haut sot Dir dat net.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Dat hu mer net gesot.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Ma jo selbstverständlech. Soll ech Iech et virliesen?

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Da liest et emol.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Ma jo ech hunn dat hei leien - wann Dir mer eng Sekonn gitt a wann Dir mer dat net vu menger Zäit ofhaalt -: „Wann een also vu Fusioun schwätzt an et mengt een déi Fusioun éierlech, da muss een och deen drëtte Corps also d'Douane mat abezéien." Voilà, dat hutt Dir 1999 gesot.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Deemools. Mä mir hunn et awer net gemaach.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- An haut späitzt Dir lech op de Kënn.

**M. le Président**.- Dat si véier Joer méi spéit!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Voilà, voilà, véier Joer méi spéit.

**M. le Président**.- D'Welt geet virun.

***(Brouhaha général et hilarité)***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Also Här President, ech gesinn also dass Dir d'DP och scho richteg aschätzt an dass Dir lech guer net méi wonnert, wann d'DP sech no véier Joer op de Kënn späitzt. Ech hunn lech also richteg ageschat. Dir hutt eng ganz gutt Mënschekenntnis.

***(Hilarité générale)***

Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren da virunzefueren, well meng Zäit riskéiert mer fortzelafen.

**Une voix**.- Déi ass schonn ofgelaf!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Bei deene Punkte wou mer Efforte musse maachen, ass selbstverständlech weider bei der Ausrüstung, mir musse Brécke bauen - an dat ass ee Punkt deen an der Praxis nach net ëmmer sou leeft, wéi mer eis dat virgestallt hunn - zwëschent den Interventiounen an de Proximitéiten. Dat sinn heiansdo nach an de Käpp zwou Unitéiten.

Wa mer wierklech wëllen effikass schaffen, da muss déi Zesummenaarbecht systematiséiert ginn an d'Leit musse kënne wëssen dass se, wa se bei deen een a wa se bei deen anere ginn, d'selwecht behandelt ginn. Mir kënnen eis zum Beispill tëschent Interventioun a Proximitéit eppes wéi e Guichet unique virstellen a mir wënschen eis, dass net Ping-Pong gespillt gëtt. Ech stellen allerdéngs fest, wann een dat doten thematiséiert, dass dann ëmmer manner Ping-Pong gespillt gëtt.

Bei de Gebailechkeeten, do muss ech soen dass et nach Carencë gëtt an et sinn heiansdo beim Zesummeleeë vun deenen eenzelne Gebaier net déi richteg Décisioune geholl ginn. Ganz oft ass d'Optioun geholl gi fir ze flécken oder fir ze moderniséieren, amplaz dass een eppes neits gemaach huet. Bei der Organisatioun vun der Schoul muss besonnesch d'Formation continue weider gefleegt ginn an der Schoul, an net baussent der Schoul. Den Ausbau vun de Gebailechkeeten ass noutwendeg. Et feelen eng Rei vun Exécutiounsreglementer vun der Reform, zum Beispill dat Exécutiounsreglement iwwert d'Schafung vun der Carrière ouverte, de Règlement d'administration de la police, wat keng Formalitéit ass, do geet et ëm d'Organisatioun schlechthi vun der Polizei.

Mir waarden op eenzel Exécutiounsbestëmmunge oder d'Exécutioun schlechthi vum Gesetz iwwert d'Police judiciaire vun 1999, wou endlech soll d'Zesummenaarbecht an d'Kompetenzen zwësche Police judiciaire an der Section de recherches regional gekläert ginn, wat am Zesummewierken net ëmmer sou evident ass.

Dann, den Alex Bodry huet dat virdru gesot, eng fundamental Reflexioun iwwert d'Missioun vum Polizist, d'Aufgabendeelung zwëschent dem Polizist an dem Personnel civil. An de Motioune liest een dat ëmmer esou schéin, dass de Personnel civil just soll fir administrativ Aufgabe gebraucht ginn. An der Praxis ass dat awer liicht aneschters, jee nodeem op wat fir engem Terrain, op wat fir engem Niveau dass ee rekrutéiert, an do ass et scho wichteg dass et net zu enger Aufgabeverwëschung kënnt. Am Ausland ass et méiglech fir eng kloer Definitioun vun de Kompetenzen ze maachen, och hei musse mer dat kënne maachen, Reflexiounen iwwer Prozeduren, Vereinfachung vun der Prozedur, amplaz ëmmer nei Prozeduren ze schafen.

De Recrutement vun zivilem Personal à temps partiel oder temporaire ass ugeschwat ginn. Do deelen ech d'Meenung vun de Kolleegen déi gesot hunn, dass et keng gutt Praxis ass, wann een op den zentrale Plazen, wéi zum Beispill d'Sekretariat oder d'Réceptioun, d'Leit à durée déterminée asetzt a se no annerhallwem Joer duerch anerer, Temporairen, ersetzt. Dat si Plaze wou ganz vill Confidentielles iwwert den Dësch leeft a wou ee sech Gedanke muss driwwer maachen, fir dat mat feste Plazen ze besetzen.

D'Evolutioun vun den Iwwerstonnen ass hei net thematiséiert ginn. Eis Leit um Terrain drummen der ëmmer nach vill, an doduerch dass se se dann an deenen normalen Zäite mussen eranhuelen, leiden de Service an d'Liewensqualitéit vun de Leit dorënner.

Da muss ee sech Gedanke maache bei eenzelnen Zentren, déi zum Beispill an der Summerzäit duebel sou vill Populatioun hu wéi se an der normaler Zäit hunn, net no der Pompjeesmethod, da wann et net méi aneschters ze maachen ass zousätzlech Personal anzeplangen, mä systematesch an d'Planifikatioun mat eran ze huelen, dass mer verschidde Stied oder verschidden Zentren hu wou méi Problemer während enger Rei vu Méint si wéi am Rescht vum Joer; och dat kann ee programméieren.

**M. Jos Scheuer** *(LSAP)*.- Dir hutt jo bestëmmte geographesch Virstellungen doriwwer.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Selbstverständlech. Dat kann een zum Beispill iwwer e Pool vu Leit maachen, deen dann agesat ka gi wann e gebraucht gëtt. Sécher net sou wéi et haut heiansdo gemaach gëtt, wann et iergendwou brennt, da ginn d'Leit vun enger Plaz ofgezunn an da gi se dohin transportéiert. Reserven, wa mer dann emol eng Kéier sou wäit sinn, dass mer all dat Personal hu wat mer brauchen, musse mat agesat ginn.

An da kommen ech scho bal zur Konklusioun.

***(Brouhaha général)***

**M. le Président**.- Déi rout Luucht ass schonn un.

***(Interruption)***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Dat ass net schlëmm. Jo, mä Dir hutt mech ëmmer ënnerbrach. Dat sollt Der net maachen.

**Une voix**.- Et war net schlëmm.

***(Interruption)***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Ech wollt just ee Wuert iwwer…

**M. le Président**.- Loosst den Här Di Bartolomeo säi Schlusswuert schwätzen.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Voilà. Ech wollt just ee Wuert iwwert déi praktesch Aarbecht um Terrain verléieren. Et ass e puermol an Niewesätz gesot ginn, dass deen éischte Plan local de sécurité zu Diddeleng entstanen ass. Hei ass en, de Plan local de sécurité, an ech wëll lech soen dass ech en elo net virbrénge well et en Diddelenger ass,…

***(Brouhaha général)***

…mä well en en excellent Beispill ass vun där Kollaboratioun um Terrain, wou den Här Rippinger sech ganz grouss Suergen driwwer gemaach huet. Hei hu ganz vill Polizisten vun alle Graden dru geschafft, zesumme mat der Gemeng, mam Parquet a mat de Leit fir eng Aart Sécherheetspakt, dat ass vläicht iwwerdriwwen, mä en Accord ze maachen, wat jiddfereen op senger Säit ka maache fir dem Bierger méi Sécherheet ze bréngen.

Natierlech musse mer eis selwer schützen an natierlech mussen och d'Ariichtunge vun eisen Alliéierten zu Lëtzebuerg ofgeséchert a geschützt ginn. Dat muss geschéien, well et hei ëm d'Sécherheet am Land geet, déi mer garantéiere wëllen, mä iwwert d'Sécherheet soll een net esou schwätzen datt déi, déi se kéinte bedrohen, duerno besser kënnen handelen. Doriwwer schwätzt een net an der Öffentlechkeet.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir stellen haut mat Bedauere fest, datt et keng eenheetlech europäesch Meenung zum Ëmgang mam Irak an dësem Moment, wou déi Vereenegt Staten e Krichsbeschloss virbereeden, gëtt, net an där Unioun wéi mer se haut kennen an net an där Unioun vu mar no der Erweiderung, déi mer wëllen. Dat ass net nëmmen am héchste Mooss bedauerlech, mä et wërft och wäitreechend Froe fir d'Zukunft vun enger europäescher Aussepolitik a fir ganz Europa op. Virun allem ass et en Trauerspill sonnergläiche wéi hei am Feegfeier vun den nationalstaatlechen Eitelkeeten eng vläicht historesch Chance verpasst gëtt fir zesummen ze stoen, gemeinsam Positioun ze ergräifen, eenheetlech ze handelen, an dat am Interesse vum Weltfridden.

An enger Situatioun wéi där heiten hätt et eng Stëmm vun Europa misse ginn. Déi Stëmm ass net erklongen. Ech hoffen a mir hoffen, datt se elo net fir ganz laang verstommt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn dës Situatioun net gewollt. Mir hunn déi Situatioun net erbäigeriet. Eis Regierung huet se net gewollt, mä si ass elo do an där Form déi mer kennen an déi vu Stonn zu Stonn méi däitlech gëtt. Mer mussen elo mat hir eens ginn.

Mir hoffen dass dëse Krich säin ausgesprachent, wann een dat ka soen, Zil erreecht an erfëllt, ouni dass allze vill onschëlleg Leit ënnert där Démarche ze leiden hunn. Gläichzäiteg awer kenne mer och eis Verflichtungen a mir wëssen als Lëtzebuerger wou mer stinn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo de Vertrieder vun der so-

zialistescher Fraktioun, den Här Jean Asselborn.

**M. Jean Asselborn** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt wuel keen nëtzlechen, keen noutwendegen an och kee gerechtfäerdegte Krich. Krich kann nëmmen ënnert engem eenzege Gesiichtspunkt eng Äntwert sinn, nämlech da wann eleng duerch Krich e Krich ze stoppen ass. Dës Thees ass och déi Thees déi déi Leit guidéiert huet, déi nom Zweete Weltkrich d'UNO-Charta geschriwwen hunn, esou wéi och Amerika eis Europäer viru bal 60 Joer aus dem Krich, deen d'Nazië jo ugestiwwelt haten, befreit haten.

Dee Krich, dee muer oder iwwermuer wäert ugoen am Irak, ass weder gerechtfäerdegt, nach nëtzlech, nach noutwendeg. En ass e Schlag géint d'internationaalt Recht, en Attentat op d'Regele vun der Weltgemeinschaft. En ass ee vun der Weltgemeinschaft verpönte Preventivschlag.

Vum Irak aus, musse mer kloer gesinn, gëtt weder Amerika, nach England, nach Spuenien, nach Australien, nach Polen oder anerer bedrot. Den Irak gëtt jo, wéi mer wëssen alleguerten, vun engem erbäermlechen Diktator zënter 1978, also scho 25 Joer laang, tyranniséiert an d'Welt kuckt no. Besser nach, déi sougenannten ziviliséiert Welt huet dësen Diktator agesat géint den Iran, an dat mat Massevernichtungswaffen, fir hir eegen ziviliséiert „Interessen" an der Golfregioun ze verteidegen.

Haut gëtt dëse Saddam Hussein esou opgeputscht fir als Symbol vum Béisen an der Welt hierzehalen, fir der Bushadministratioun hir Main-mise op de Golf ze justifiéieren, do wou dat flëssegt Gold aus dem Buedem spruddelt, do wou ee méi no bei China ass, dem viraussiichtleche Géigespiller vun den USA am 21. Jorhonnert.

Dëse Krich, Dir Dammen an Dir Hären, weist dass d'Mënschheet am Fong um Ufank vun dësem Jorhonnert de Pech huet vu grad esou muechtbesiessene Personnagë gefouert ze ginn, wéi dat am Mëttelalter de Fall war. An deem Mëttelalter war jo d'Gesetz vum Staarken dat eenzegt Gesetz dat gezielt huet. Haut, am Joer 2003, an dësem Fall idem. D'UNO, d'Weltgemeinschaft ass zum Lampiste dégradéiert ginn. D'US Politiker sprange wéi Raubritter mat de Regele vum internationale Recht ëm, dëst zu engem Zäitpunkt wou den Irak friddlech ze desarméiere gewiescht wier.

Den Här Bush an den Här Blair wollten eng zweet Resolutioun, mir wëssen dat, coûte que coûte virun dësem Waffegang virum Weltsécherheetsrot. Wéi se awer an Uecht geholl hunn, dass se keng zweet Resolutioun kriten, well et jo glécklecherweis nach Politiker op der Welt gëtt déi Wäitsiicht hunn, hu se den Här Powell an den Här Straw an deene leschten Deeg erausgeschéckt fir ze argumentéieren, dass se guer keng bräichten. Also d'internantionaalt Recht, Här President, gëllt nëmme wann et an de Krom passt. Passt et net dran, da gëtt et mat Féiss gerannt. Dat ass Mëttelalter, onziviliséiert däischter Mëttelaltermentalitéit.

Et ass ze hoffen, dass déi jonk Leit zu Lëtzebuerg, an Europa, an den USA, an der Welt, de Courage net verléiere fir drun ze gleewen, dass et méiglech ass eng besser Demokratie wéi déi vum 20. Jorhonnert an der Zukunft opzebauen, an dass och hei zu Lëtzebuerg an deem Sënn déi jonk Leit an de Schoule sech wiere géint dat wat an der Welt do geschitt, an dass se och un den nächste Friddensmanifestatioune massiv deelhuelen. Et ass ze hoffen, dass dëse Bushismus a Blairismus wierklech déi lescht Iwwerreschter vun enger Mentalitéit sinn, déi dat Gutt do usiedele wou Muecht a Wuelstand sinn, an dat Schlecht do wou Misär an Ongerechtegkeet herrschen.

Amerika féiert d'Welt an dësen Deeg, a mengen Aen, an e groussen Iertum eran. D'Welt gëtt net méi demokratesch, méi friddlech, méi solidaresch duerch dëse Krich. Si gëtt am Géigendeel, mëttelfristeg gesinn, vill méi radikal, nach méi fanatesch, nach méi egoistesch. Amerika ënnert dem President Bush verlaangt vu Frankräich, vun Däitschland apaart jo, mä och vun alle Länner en général, dass jidderee solidaresch mat den USA, mat der US-Regierung an deem Punkt hei ass.

Ech froen awer hei, Här President: Wou ass d'Solidaritéit vun deem grousse Land Amerika ënnert der Féierung vum Här Bush mat der Welt a Saache Kyoto oder a Saachen internationaalt Strofgeriicht? Wou ass se déi Solidaritéit? Net vun dëser Welt!

Dir Dammen an Dir Hären, zënter der Motioun vum 26. Februar hei an der Chamber huet d'Lëtzebuerger Regierung eng Positioun a Saachen Irakkonflikt. Si huet sech an der Démarche, dat begréisse mer, ugeschloss de Fransousen, den Däitschen an och der EU-Présidence. Implizit heescht dat - dat hunn och de Mueren de Premier an d'Madame Ausseminister an der Kommissioun gesot -, dass d'Regierung sech éischtens désolidariséiert vun dësem Krich, wat mer voll ënnerstëtzen, zweetens dass déi Länner, d'USA un der Spëtzt selbstverständlech, kritiséiert gi fir dës Démarche, an drëttens - soen ech ganz kloer an e wéineg anescht wéi den Här Glesener et fir d'CSV hei gesot huet - dass an eisen Aen ausser humanitärer Hëllef kee Land wat dëse Krich féiert iergend eng Hëllef vu Lëtzebuerg an där Démarche do erwaarden däerf.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo de Vertrieder vun der DP-Fraktioun, den Här Jean-Paul Rippinger.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, säit hënt um zwou Auer eiser Zäit huet de President vun de Vereenegte Staten a seng Administratioun déi Krichslogik vollzunn an där e sech scho säit Méint beginn huet, hien a säi Kolleeg den Här Blair aus England. Méi wéi 200.000 Zaldote sinn an d'Géigend vum Irak ofgezu ginn. De President Bush huet en Ultimatum un den irakesche President gi vun 48 Stonnen, a mir wëssen alleguerten heibannen dass ausser engem Wonner, wat nach soll an allerleschter Minutt geschéien, mer virun enger militärescher Interventioun stinn.

Ech hunn hei de 26. Februar an den Debatten dat gesot, wat meng Fraktioun géint de Krich ze soen huet an och géint den Tyrann an Diktator Saddam Hussein. Mir sinn awer elo an där ganz komescher an ambigüer Situatioun dass, wann et Krich gëtt, mer wënschen dass dee Krich esou schnell wéi méiglech zu Enn geet, well villen onschëllege Kanner a Fraen hiert Liewen a Gefor ass an net méi Leed nach soll provozéiert ginn.

All Efforte vun de Krichsgéigner, esouwuel vun de Politiker, de Regierungen, wéi awer och weltwäit vun de Leit, sinn an d'Waasser geschloe ginn. Ech, am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, begréissen a würdege ganz besonnesch d'Haltung vun der Lëtzebuerger Regierung, an net eréischt säit dem 26. Februar, sondern och scho virdrun, well et huet keen Zweifel bestanen dass dës Regierung mat hirem Premier an hirem Ausseminister géint d'militäresch Interventioun vun den Amerikaner war an ëmmer nach, och an deene leschte Momenter, den Inspekteren eng zousätzlech Chance ginn huet, fir dass et kee Krich sollt ginn an dass och kee Krich sollt gefouert ginn ouni Mandat vum Conseil de Sécurité. Mir bedaueren, dass et elo zu där Situatioun komm ass.

Woufir ech nach begréissen, wat eis Regierung gemaach huet, dat ass dass se net bei deenen 59 Länner ass, déi déi militäresch Interventioun guttheeschen, dat heescht déi 59 Länner déi op där Lëscht stinn, déi déi militäresch Interventioun op d'allermannst guttheeschen. Lëtzebuerg deet sech also gutt fir net an där Gesellschaft ze si vun enger ganzer Rei vu Länner déi op där Lëscht do stinn.

Den drëtte Punkt deen ech wëll ervirhiewen ass, dass eis Regierung an dass mir sollen trei zu eise Verträg stoen, bilateral oder multilateral, an notamment zu der NATO. Et kann een net engersäits soen et géing ee Maastricht an Nice anhalen an op där anerer Säit géif een net d'Dispositioune vun der NATO-Charta respektéieren.

Ech sinn also der Meenung, dass all Hëllef am Kader vun dësem Bündnis fir déi amerikanesch Frënn méiglech ass. Zousätzlech sinn ech der Meenung, an dat ass och de Mueren an der Kommissioun gesot ginn, dass mer mat deene Mëttelen, déi eis zur Verfügung stinn, mat eiser Polizei, mat eiser Arméi an och mat der Douane, wann dat misst sinn, déi strategesch Plaze protégéieren, déi gefährdet si fir eventuell Akte vun Terrorismus.

Wa mer also elo op dat kucke wat virun eis steet a wou mer net genau wësse wéi et ausgeet, mengen ech, misst een eng Constatatioun opféieren, dat ass, mir sti virun dräi grousse Chantieren.

Dat éischt ass déi gemeinsam europäesch Aussepolitik. Déi huet net gegraff, et ass keng eeneg Meenung komm an et si vill Froe fir d'Zukunft opgeworf ginn. Mir bedaueren dat a mir wënschen, dass et an der Zukunft eng europäesch Aussen- a Sécherheetspolitik gëtt. Selbstverständlech waren d'Länner aus Europa an enger schwiereger Situatioun, mä och an der Vergaangenheet war dat schonn oft de Fall an Europa huet et ëmmer nach fäerdeg bruecht, wat d'Situatioun méi schwiereg war, herno déi richteg Konsequenzen doraus ze zéien a se zu sengem Virdeel auszebauen. Et ass och dat wat mir als Fraktioun vun der Demokratescher Partei hei hoffen.

Zweete Chantier, dat ass d'Unitéit vun der NATO. Mir hu jo gesinn, wéi dat elo fonctionnéiert huet am Kader vun der NATO, notamment ee vun de Bündnispartner, d'Türkei an esou weider, Tergiversatiounen, Fuerderungen, déi do gestallt si ginn. Och d'NATO huet dorënner gelidden. Et muss een also kucken, dass d'Unitéit, d'Gemeinsamkeet vun der NATO, an Zukunft erëm vun alle Mitgliedstate garantéiert ass.

Den drëtte Chantier ass schliesslech d'Effikassitéit vun der UNO. Déi ass besonnesch wichteg fir déi kleng Länner, a mir si jo e klengt Land, well et ass nëmmen am Kader vun dësen internationalen Organisatioune wou déi kleng Länner sech kënne fir de Fridden a fir d'Gerechtegkeet an der Welt asetzen a wou se och kënnen e Stéck bäidroen an e positiven Apport bréngen.

Schlussendlech misst een awer nach ee Wuert soen iwwert déi Länner, déi virun dem Elargissement stinn. Mir bedaueren dass et der eng Rei dovunner ginn, déi sech net direkt oder nach net dat Zougehéiregkeetsgefill zu den europäesche Länner développéiert hunn, wéi se dat hätten eventuell solle maachen. Mir hoffen dass och si an der Zukunft dat Zougehéiregkeetsgefill entwéckelen an développéieren, fir eng Partie intégrante vun den europäesche Länner ze ginn. Dat ass op jidde Fall d'Meenung vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei an ech wëll ofschléissen andeem ech d'Regierung nach eng Kéier félicitéiere fir hir Haltung a se encouragéieren op deem Wee virunzefueren.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo de Vertrieder vun der ADR-Fraktioun, den Här Jacques-Yves Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als ADR si mer permanent agetratt fir eng Prioritéit vun der Entwaffnung vum Irak vum Saddam Hussein iwwert de friddleche Wee, dat esouwuel an der Motioun, déi mer de 26. Februar virgeluecht haten, wéi och an der gemeinsamer Motioun, déi mer viru kuerzem hei gestëmmt hunn.

Mir hunn absolut keng Sympathië fir de Saddam Hussein, mä mir bedaueren awer op jiddfer Fall och deen Alleingang vun den Amerikaner, dee sech elo ubaant an dee kumuléiert ass mat engem preventiven Ugréffskrich ouni UNO-Mandat.

Hei gëtt d'Recht vum Staarke géint de Schwaachen duerchgezunn. D'Folge vun deem Krich sinn éischtens a viraussichtlech eng humanitär Katastroph, well mer wëssen, obschonn d'Situatioun um humanitäre Plang dohanne schwéier ass, e Krich wäert déi Situatiuon nach verschäerfen. Ech wëll och d'Regierung opfuerdere fir nom Krich, no der Interventioun hei awer mat humanitärer Hëllef dobäi ze sinn.

Da fäerte mer, datt e Kultur- a Reliounskrich e wesentlecht Argument an déi Saach do erabruecht huet tëschent dem Westen an de musulmaneschen an arabesche Länner a Reliounen a Kulturen. Ech mengen, et ass e ganz schlecht Zeeche wat hei bruecht gëtt a mir fäerten eng Provokatioun zum Terrorismus, en Encouragement zum Terrorismus, well et ass jo verständlech datt all déi Doudeg, déi do riskéieren ze kommen, bei verschiddene Leit ganz staark Ressentimenter kënne bréngen, déi herno hiren Ierger, hir Irritatioun op de Westen, op Amerika an op alleguerten déi Länner wäert ausweiten, déi sech mat deem Gewaltakt, mam Krich d'accord erklärt hunn.

Um europäesche Plang muss ee bedaueren a feststellen, datt et keng europäesch Sécherheets- an Aussepolitik gëtt. Et sinn zwee Campen do, déi eng déi sech alignéiere wëllen op d'Politik vun den USA a wou ee ganz gutt kann higoen, datt ee gläich de 4. Juli als Nationalfeierdag hei an Europa insgesamt géif afeieren. Ech mengen, dat ass de verkéierte Wee. A wann ee wëllt eng europäesch Sécherheets- an Défensepolitik maachen, da muss se eegestänneg sinn, da muss se sech och vun eisen Alliéierten, den Amerikaner, distinguéieren. Soss brauche mer dat net. A bei aller Frëndschaft zum amerikanesche Vollek, mir sinn net d'accord mat där Décisioun déi den amerikanesche President elo geholl huet a mir erwaarden eis och vun de Lëtzebuerger Regierung, datt se am Sënn vun der gemeinsamer Motioun, déi mer hei gestëmmt hunn, bei dem amerikaneschen Ambassadeur intervenéiert an e Protest an eis Désapprobatioun zum Ausdrock bréngt.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo de Vertrieder vun der Fraktioun vun deene Gréngen, den Här François Bausch.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Woch ass eng schwaarz Woch fir d'Weltgemeinschaft. Et ass eng schwaarz Woch natierlech, well d'Völkerrecht méi wéi mat Féiss getrëppelt gëtt, et ass eng schwaarz Woch awer virun allem well spéitstens vun en Donneschdeg, Freideg oder Samschdeg un zéngdausenden onschëlleg Mënschen, déi während 20 Joer ënner enger Diktatur gelidden hunn, d'Opfer wäerte gi vun enger Logik, vun enger amerikanescher Administratioun, déi dëse Krich an dës Interventioun aus geopoliteschen an ekonomesche Machtiwwerleeungen eraus planméisseg décidéiert hat an och duerchzéie wäert, esou wéi si et geplangt haten.

Dat wat se net konnte virausgesinn, dat war datt de Gros vun der Weltgemeinschaft refuséiert op dee Wee matzegoen, an et ass an där Hinsicht och en historesche Moment an och e Liichtbléck an där negativer schwaarzer Woch, déi mer haut hei hunn, datt d'Weltgemeinschaft net méi schéngt bereet ze sinn, nom Zesummebroch vun den zwee Bléck, esou wéi mer se kannt hunn an der Nokrichszäit, blann an einfach ouni ze iwwerleeën iergendenger Administratioun aus de Vereenegte Staten hannendrun ze lafen. Mä wéi gesot, d'schwaarz Woch ass et, well et wahrscheinlech zéngdausende vun Opfer wäerte gi bei der Zivilbevölkerung am Irak, wann déi Dausenden Tonne vu Bommen an deenen nächsten Deeg wäerten op den Irak erofreenen, an dat alles natierlech fir datt d'Zaldote vun där Koalitioun, déi do intervenéiert, esou mann wéi méiglech Opfer solle kréien. Dat heescht datt déi Leit leide mussen, déi elo schonn zënter 20, 30, 40 Joer am Irak leiden ënnert deene verschiddenste Forme vun den Diktaturen, deelweis och agesat duerch déi, déi elo d'Interventioun maachen, déi sinn d'Opfer vun deem heite Krich.

An dat ass fir eis als Gréng ganz kloer, mir veruerteelen dëst Virgoe schäerfstens a mir sinn och frou datt d'Lëtzebuerger Regierung an déi Richtung matgeet an och hiren déifsten Désaccord haut de Mueren an der auussepolitescher Kommissioun matgedeelt huet, à part zu där doter Virgoensaart- a Weis.

Deen zweete grousse Verléierer bei där ganzer Saach hei ass insgesamt d'Stabilitéit an der Weltgemeinschaft, d'Stabilitéit virun allem an der Regioun vum Noen Osten. Et ass fir eis ganz kloer, datt dës Interventioun net wäert méi Stabilitéit bréngen, mä éischter manner Stabilitéit wäert bréngen, an et ass och grad esou kloer datt de Risiko vun Attentater a vu Roserei, Reaktioune vun der arabescher an der islamescher Welt, déi dat doten als eng Aggressioun ëmfanne géint eng Kultur, egal ob et esou ass oder net, oder gewollt war oder net, déi ëmfannen dat esou, datt do de Risiko vun Attentater a vu Déstabiliséierung méi grouss gëtt.

Et muss ee soen, dat Allerschlëmmst bei där ganzer Saach ass, datt och nach total onnëtz dat Ganzt geschitt, well leider ass den UNO-Inspektere Blix an El Baradei hire leschte Rapport, dee se eigentlech de 17. Mäerz dem UNO-Weltsécherheet ënnerbreet hunn, emol iwwerhaapt net méi diskutéiert ginn an och, et pour cause, an der Öffentlechkeet doudgeschwiege ginn. Aus deem Rapport geet ganz däitlech ervir datt si der Meenung sinn, datt d'Weiche richteg gestallt wären, datt grouss Chancen oder, fir net ze soen, datt d'Probabilitéit bal 100% wär, datt an där Situatioun, wou mer eis géinge befannen, den Irak bannen 120 Deeg komplett kënnt désarméiert ginn. Dat heescht datt eigentlech op engem friddleche Wee dat Objektiv, wat d'Resolutioun 1441 gesat hat am Hierscht d'lescht Joer, kënnt erfëllt ginn.

En drëtte Punkt deen ech wëll uschneiden ass, datt ech awer der Meenung sinn, an dat muss een och sécherlech de Moment, och wann d'UNO net an enger staarker Positioun ass, sech awer nach gerett kritt huet duerch de Fait, dass et net zu enger Légitimatioun komm ass vun där doter Aktioun.

Well wann ee gesinn huet wat déi lescht Woche geschitt ass, wéi vun de Vereenegte Staten, vun der Bush-Administratioun, versicht ginn ass, deelweis Länner déi im-

mens aarm sinn ze kafen, se ënner Drock ze setzen, vu mueres bis owes Pressioun op se ze maachen, da kann ee sech jo virstellen, datt wann op déi doten Aart a Weis dës unilateral Aktioun och nach iwwert eng UNO-Décisioun legitiméiert gi wär, datt dat sécherlech net dozou bäigedroen hätt fir d'UNO ze stäerken, au contraire, ech sinn der Meenung, oder mir als Gréng sinn der Meenung, wann dat passéiert wär, wär dat dat definitiivt Enn vun der UNO gewiescht. Dat ass awer, eiser Meenung no, ganz kloer. An dofir si mer frou doriwwer, datt zumindest d'UNO als Institutioun, och wa se an där heiter Situatioun geschwächt ass, zumindest dat Ganzt iwwerlieft, well mir brauche se wahrscheinlech duerno méi wéi jee, wann de Konflikt hei bis uleeft, respektiv wann e fäerdeg ass.

E fënnefte Punkt ass: Mir sinn der Meenung, datt iwwert dat normaalt Humanitäert, d'Iwwerwaache vun den Installatioune vun deene Staten, déi dann elo am Konflikt wäerte mat dra sinn, sief et d'Vereenegt Staten, sief et Spuenien, Portugal oder England, zu Lëtzebuerg eng Selbstverständlechkeet ass an datt alles muss gemaach gi fir déi ze schützen an doriwwer eraus natierlech och muss versicht ginn, sou wäit wéi et méiglech oder néideg ass, humanitär Hëllef ze ginn.

Mä mir soen als Gréng awer grad esou däitlech, datt mer strikt dergéint sinn, an och wäerte mathëllefen Aktiounen ze plangen, wa sollt de Versuch gemaach gi fir op iergendeng Aart a Weis Krichsmaterial vu Lëtzebuerg aus an déi dote Regiounen ze schécken, an eng Regioun wou e Krich stattfënnt deen, eiser Meenung no, weder eng Legitimatioun, nach soss iergendeng Berechtegung huet.

1990 si beim Golfkrich eng ganz Rei offiziell Veranstaltungen duerch d'Krichssituatioun ofgeblose ginn. An deem Kontext wollt ech och d'Lëtzebuerger Regierung froen - ech weess net wat an deenen nächste Wochen usteet, wann de Krich stattfënnt -, ob d'Regierung sech déi Gedanke scho gemaach huet a wa jo, ob se drun denkt fir en Opruff ze maachen, datt gréisser offiziell Veranstaltunge während der Krichszäit hei zu Lëtzebuerg net solle stattfannen. Eleng schonn dat, mengen ech, si mer deene Leit schëlleg, déi am Irak an deenen nächsten Deeg musse leiden.

An als sechste Punkt: D'No-Irak-Kris, déi méi séier kënnt wéi et eis léif ass, an och méi séier wéi et deene léif ass, déi elo dee Krich do wäerte féieren. Ee Krich dee sécherlech alles anescht wéi eng Heldentat ass, well et ass sécherlech einfach wann eng Koalitioun vu Länner, déi wirtschaftlech a militäresch haushéich iwwerleeë sinn, ee Land, dat souwisou um Buedem läit, militäresch wäerten an deenen nächsten Deeg oder respektiv Woche besiegen.

Mä de Problem fänkt eréischt duerno un, wann den eigentleche militäresche Konflikt eriwwer ass, a mir hoffen datt dann d'UNO sou schnell wéi méiglech erëm an d'Spill kënnt, fir dann erëm iwwert d'UNO kënnen ze kucken an deem do Land erëm zu enger normaler Situatioun ze kommen, an datt net déi Pläng sech erfëllen, déi verschidde Leit an der Bush-Administratioun mengen datt se kënnten an deenen nächste Méint a souguer Joren ëmsetzen.

An dann e leschte Punkt: Mir mengen datt d'UNO an deenen nächste Méint méi wéi jee muss gestäerkt ginn, a fir datt se gestäerkt gëtt menge mer, datt all déi Konventiounen, déi zumools a sou Konflikter wéi deem heiten eng Bedeitung hunn, endlech musse vun alle Länner op der Welt ëmgesat ginn.

Un éischter Stell natierlech denke mer do un déi Konventioun zur Ächtung vu biologesche Waffen, déi vun de Vereenegte Staten nach ëmmer net ratifizéiert gëtt, oder refuséiert gëtt ze ratifizéieren. En zweete Punkt ass, datt och d'Vereenegt Staten endlech d'Cour pénale internationale unerkennen a sech net méi derlaanscht drécke fir se unzëerkennen, well nëmmen da kënnen an Zukunft esou Krichsverbriecher condamnéiert ginn. An een drëtte Punkt ass, datt d'Vereenegt State sech och op esou Konventiounen, wéi zum Beispill géint d'Produktioun vun Antipersounenminnen, ralliéieren, respektiv déi endlech ratifizéieren.

Kyoto - huet den Här Asselborn ugeschwat - ass ee Punkt, deen och ganz sécherlech eng bestëmmte Bedeitung an deem ekonomeschen Aspekt vun deem Konflikt huet wou et hei geet. Alles dat si Punkten, déi musse mer an der nächster Zäit verstäerkt op d'Dagesuerdnung setzen a versichen am Kader vun der UNO den néidegen Drock ze maachen, datt kee Land sech méi deene Saache kann entzéien.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo nach den Här Premier- a Statsminister Jean-Claude Juncker.

***(Interrutption)***

Ah, entschëllegt Här Urbany, ech hat lech vergiess. Also d'Wuert huet elo fir d'éischt nach den Här Serge Urbany an da kënnt den Här Statsminister.

***(Hilarité et interruptions)***

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Emol eng Kéier wou ech déiselwecht Riedezäit hu wéi déi aner, wëll ech awer och profitéieren.

Här President, merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, an der Ried vum amerikanesche President dës Nuecht ginn d'UNO-Waffeninspekteren an engem Saz erwähnt, an zwar do wou gesot gëtt, si sollen zesumme mat de Journalisten den Irak verloossen. Ech brauch wuel net ze erläuteren, dass der Aschätzung vun der Majoritéit am UNO-Sécherheetsrot no, a vun enger Majoritéit vu Länner no, déi Inspektiounen erfollegräich waren an dës Woch hätte sollen an hir entscheedend lescht Phas trieden.

Dee Krich deen elo erkläert gëtt, dat ass ee Krich dee sech net nëmmen onbegrënnterweis géint den Irak riicht, dat ass och e Krich géint d'internationaalt Recht. Et ass e Krich a Violatioun vun der UNO-Charta, déi dem UNO-Sécherheetsrot eleng d'Recht iwwerléisst militäresch Moossnamen ze beschléissen an ze kommandéieren, an dat opgrond vun enger Feststellung vun der Existenz vun enger konkreter Bedrohung fir de Fridden. Déi Bedrohung muss hei an elo bestoen. Et ka sech net ëm eng hypothetesch Bedrohung handelen, déi sech aus dem Automatismus vun enger Resolutioun vun 1990 ergëtt, wou d'Situatioun eng aner war, nämlech d'Besetzung vum Kuwait.

Et kann iwwerhaapt keen allgemenge Mandat gi fir sech iwwert d'UNO ewech ze setzen, besonnesch wann een e Vetorecht huet fir all nei Resolutioun an domat och all Begrenzung vun engem Mandat op éiweg Zäiten eraus ze verhënneren. All Mandat, och am Zivilrecht, kann nëmmen zäitlech begrenzt sinn.

De belschen Ausseminister schwätzt dofir och kloer, a Bezuch op den Irakkrich, vun engem Acte d'agression vun den USA a vun hire Verbündeten, an ech fuerderen d'Lëtzebuerger Regierung hei op sech där Qualifikatioun unzeschléissen. Fir deen Akt missten elo eigentlech, der UNO-Charta no, d'USA, England an déi aner Länner, déi sech hinnen uschléissen, sanctionnéiert ginn. An d'UNO misst eigentlech och opgrond vun därselwechter UNO-Charta den Irak verteidegen, wéinstens passiv, zum Beispill an deem de Sécherheetsrot seng Sitzungen op Bagdad géif verleeën amplaz d'Inspekteren zréckzezéien.

Dat entsprécht net dem internationale Rapport de force, wäert wahrscheinlech gesot ginn. Mä dann, mengen ech, sollt een awer wéinstens, an dëser dramatescher Situatioun, d'Dezenz hunn, net vun der Noutwendegkeet vum Erhale vum Lien transatlantique ze schwätzen fir d'Sécherheet vu Lëtzebuerg a vun Europa.

Dat ass jo scho bal karikatural, woubäi ee sech heiansdo froe muss vu weem eng Bedrohung, och zum Beispill eng ekonomesch Bedrohung, haut prioritär ausgeet. Ech fannen au contraire, dass konkret Aktiounen, och wa se nëmme symbolesch sinn, opgrond vun der nationaler Souverainetéit de Moment misste geholl ginn, fir déi Violatioun vum internationale Recht ze sanctionnéieren. D'belsch Regierung, wéi iwwregens och aner Regierungen an Europa, läit dofir grondsätzlech richteg, wa se op d'Onméiglechkeet hiweist d'Bündnisverpflichtungen, zum Beispill am Fall vum Transport vu Militärmaterial duerch d'Belsch, spillen ze loossen, opgrond vu Verträg vun 1950, déi sech haut net kënne géint d'international Legalitéit riichten. Well och den NATO-Traité referéiert sech ganz däitlech a sengem Artikel 1 op d'Gewaltmonopol vun der UNO.

Ech fannen dass déi Haltung vun der belscher Regierung och richteg ass, souguer wann an der Belsch am Mee Wahle sinn, souguer wa se deelweis ineffikass si well jo scho vill vun deenen Transporter erfollegt sinn; wat iwwregens vun der belscher Friddensbewegung ganz däitlech kritiséiert gëtt, net well se prinzipiell géint esou eng Begrenzung ass, mä well si der Meenung ass dass dat scho laang hätt misse geschéien.

An et impressionéiert mech och net, Här President, wann d'franséisch an d'däitsch Regierung, fir den Drock aus den USA no hirer couragéierter Haltung am Sécherheetsrot net nach ze erhéijen, Iwwerflugsrechter elo accordéiert. Ech mengen an dëser Fro soll Lëtzebuerg sech der Belsch uschléissen a keng militäresch Operatioune vu Lëtzebuerger Terrain aus méiglech maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'USA hunn, aus nationale strategeschen Iwwerleeungen eraus, där hir ekonomesch a geopolitesch Komponenten hei schonn e puermol duergestallt gi sinn, am Summer 2002 beschloss den Irak op hir Prioritéitelëscht vun de sougenannte Gaunerstaten ze setzen. Déi Drohkuliss, déi elo geschwë wierksam gëtt, ass unilateral opgebaut ginn, ouni all UNO-Mandat, net fir d'Rüstung am Irak ze kontrolléieren, mä fir déi militäresch Muecht och elo anzesetzen.

Et geet bei der irakescher Fro hei och ëm e Positionéiere vun den USA par rapport zu Europa. D'Äntwert dorop ass net den Opbau vun Europa zu engem politesch, ekonomesch a militäresch héichgerüste Géigeblock, au contraire, d'Stäerkt vun Europa misst an der friddlecher Entwécklung, an der Kooperatiounspolitik an an enger wirtschaftlecher a sozialer Entwécklung leien, déi op der Egalitéit an op der Fräiheet berout. Wäerter, déi souwuel an der amerikanescher wéi an der franséischer Revolutioun vertratt gi sinn.

Alles deit awer an eng Géigerichtung - de Mueren hunn ech nach den ABBL-President op RTL héiere soen, dass Europa misst den USA noäiferen - an haut ginn och bezeechnenderweis d'Boursecoursen iwwerall an d'Luucht.

Ech mengen, dass et kee Widdersproch gëtt tëschent Amerika an Europa. Et geet hei ëm d'Fro ob eng aner Welt méiglech ass a wéi déi Welt soll ausgesinn, och wat d'internationaalt Recht ugeet - an ech hunn do iwwregens eng Interpellatioun agereecht, fir iwwert déi Froen ze diskutéieren. De Moment awer geet et drëm nach eng Kéier ganz kloer dem Fatalismus vum Krich ganz däitlech d'Oppositioun vun eisem Vollek entgéint ze schleideren, och bei deene Friddensdemonstratiounen déi nach komme wäerten, an et geet drëm seng Solidaritéit mam irakesche Vollek auszedrécken, wat zwar elo vu sengem Diktator befreit gëtt, zu engem méiglecherweis furchtbare Präis, deelweis vun deene selwechten déi him e verschaaft haten, mä op dat eng ongewëss Zukunft waart, wéi iwwregens op eis alleguer.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Den Här Premierminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Situatioun, déi de Moment ronderëm den Irakkonflikt agetrueden ass, muss ee realistescher Weis dovunner ausgoe loossen, dass déi net-militäresch Léisung vun dem Irakproblem nach null Chancen huet an dass et zu engem militäresche Konflikt am Irak kënnt.

Déi lëtzebuergesch Regierung bedauert dat op d'Déifst, well si huet sech vun Ufank un, wou den Irakkonflikt sech selwer erëm op déi international Agenda gesat huet, ouni Paus dofir agesat, dass et zu enger friddlecher Entwaffnung vun dem irakesche Regime géif kommen. Déi international Gemeinschaft ass sech eens dran, dass den Irak eng Menace constituéiert, an ass sech largement eens dran, dass een déi Menace kann doduerch verschwannen dinn, dass een zu enger friddlecher Entwaffnung vum Irak kënnt.

Et ass dee Wee, dee vun der friddlecher Entwaffnung, dee vun der Fortsetzung vun der Aarbecht vun den UN-Inspekteren, deen déi Lëtzebuerger Regierung net nëmme privilegéiert huet, mä als deen eenzeg richtegen an deene leschte Wochen a Méint dohinner gestallt huet. Mir kënnen net erkennen aus wat fir engem Grond dass net bis zum Schluss, dat heescht bis zur leschter Minutt probéiert ginn ass, deem friddlechen Entwaffnungswee seng Chancen ze ginn.

Mir stellen haut fest dass de Krich, dee mer als den Asaz vum allerleschte Mëttel gesinn hunn, sech ëmfunktionéiert huet an den Asaz vun deemnächst folgende Mëttelen. Déi Lëtzebuerger Regierung ass mat där Politik net d'accord an ass am Désaccord mat där Décisioun, déi den amerikanesche President schéngt geholl ze hunn.

Mir sinn der Meenung, dass et richteg gewiescht wier opgrond vun deem 85 Säite staarke Rapport vun dem Chefinspekter Blix, deen hënt virgeluecht ginn ass, an engem kloer ofgestuftenen Zäitplang mat der Entwaffnung vum Irak virunzefueren, bis dass géif festgestallt ginn dass déi Entwaffnung geschitt wier oder bis dass festgestallt gi wier dass den Irak sech weider géif weigeren an eng aktiv a proaktiv Entwaffnungsprozedur anzetrieden.

Déi Tatsaach, dass den irakesche Regime sech erwisenermoossen zu kengem Moment bereet erklärt huet an ënner Beweis gestallt huet, dass hien zur integraler Entwaffnung bereet ass, ass en Element wat wiesentlech zur där dramatescher Zouspëtzung vun dëser Situatioun bäigedroen huet, an dofir gehéiert zu enger korrekter Bewäertung vun dem Gesamtvirgang an där Regioun am Irak och eng extrem däitlech Condamnatioun vun de Machenschaften a vun de Missetate vun dem irakeschen Diktator, deen ursächlech mat Schold ass un dësem Konflikt an deen all Mëttelen an all Moyen an der Hand gehat hätt fir dëser dramatescher Steigerung vun der Konfliktzouspëtzung aus dem Wee ze goen.

De Saddam Hussein hannerléisst e Ruinefeld, net nëmmen a sengem Land, mä an der ganzer Regioun ronderëm sech. Et hätt gutt zur internationaler Communautéit gepasst, wann och déi Regierungen, déi méi ze soen hunn am Weltsécherheetsrot, wéi déi lëtzebuergesch oder wéi aner europäesch Regierungen, mat Insistenz den Irak zur Entwaffnung opgefuerdert hätten a mat Insistenz dofir plädéiert hätte bei deenen déi et anescht wollten, dass dës Entwaffnung mat friddleche Mëttele géif geschéien.

Mir sinn iwwerzeegt dovun, dass dat méiglech gewiescht wier. Mir sinn iwwerzeegt dovun, dass dat an e puer Méint hätt kënne gemaach ginn a mir bedaueren et dofir, dass dee friddlechen Entwaffnungsprozess duerch d'UN-Inspekteren ënnerbrach ginn ass duerch eng unilateral Décisioun fir där hiert Zustanekomme mer net all rechtlech Virbedéngungen erfëllt gesinn.

Wéi een dee méiglechen unilaterale Schlag vun den USA a vun aneren - si si jo net eleng - juristesch bewäerte soll ass eng Fro déi leschtendlech relativ onwichteg ass. Ech stelle fest, dass et séier ënnerschiddlech juristesch Interpretatioune gëtt iwwert d'Dimensioun vun der Resolutioun 1441 an iwwert d'Rechtbestännegkeet vun der Autorisatiounsgewalt vun deene Resolutiounen, déi virun der Resolutioun 1441 geholl gi sinn. Dee Rechtsträit wäerte mir déi nächst Deeg sech virun eisen intellektuellen Aen ofspille gesinn.

Politesch ass dat eng irrelevant Fro, well déi lëtzebuergesch Regierung wéi och dat lëtzebuergescht Parlament sech dofir ausgeschwat hat, dass et eng kloer eendeiteg, juristesch fundéiert, operativ, effikass an effizient Neidécisioun vun dem UN-Weltsécherheetsrot misst ginn. Insofern ass déi juristesch Qualifikatioun vun deem Akt, dee mer elo hei ze déploréieren hunn, eng irrelevant ginn, well och wann e juristesch gerechtfäerdegt wier, wiere mir jo nawell nach der Meenung, dass de Moment net komm gewiescht wier fir de Konflikt elo ouni weider Evolutioune militäresch ze léisen.

Eenzel Kolleegen hunn et gesot, ech wëll am Numm vun der Regierung datselwecht soen: Bei allem Désaccord, dee mer der amerikanescher an der Décisioun vun anere Staten entgéintsetzen, bei aller Frustratioun driwwer, dass d'UNO an der Wahrung vun hirem internationale Gewaltmonopol ausgehiewelt ginn ass, a bei aller Frustratioun och driwwer, dass de Wee vun der friddlecher Entwaffnung sech als a leschter Instanz net méiglech erwisen huet, well fir aner Acteuren déi militäresch Optioun eng war déi sech hinnen als eng scheinbar irrésistibel Optioun opgedrängt huet, si mer nawell der Meenung, dass déi Vereenegt State vum Amerika wéi aner europäesch Staten, déi an deem Konflikt hei wëlles hu sech militäresch ze engagéieren, Alliéierte vum Lëtzebuerger Stat sinn.

Doraus résultéiert, dass mer bei allem lerger a bei aller Enttäuschung iwwert déi agetruede Situatioun net aus den Aen däerfe verléieren, dass sech aus eise Bündnisverpflichtungen eraus eng Rei vun Obligatiounen ofleeden zu deenen déi Lëtzebuerger Regierung och steet. Esou wéi Däitschland, esou wéi Frankräich an esou wéi d'Belsch ass déi lëtzebuergesch Regierung gewëllt déi Obligatiounen, déi sech aus dem Zoustand vun der Appartenance zur selwechter Allianz erginn, voll ëmfänglech ze respektéieren an déi

eventuell Demanden, déi u se geriicht ginn aus deem Geescht vun den Alliéierten eraus, prinzipiell positiv ze beäntwerten, à moins dass Grënn, déi total dergéint schwätzen, een dozou géife brénge fir sech deenen Demanden do ze refuséieren.

Dee Soliditéitslien, deen iwwert den Atlantik geet, an deen Amerikaner, Kanadier an Europäer zu enger Schicksalsgemeinschaft zesummegeschmolz huet, däerf net a Fro gestallt ginn. Iwwert dee Konflikt hei eraus, wat e spezifesche Konflikt ass, wou mer e graven Désaccord mat de Vereenegte Staten a mat aneren Alliéierten hunn, muss ee virun Ae behalen, dass europäesch a lëtzebuergesch Sécherheet ausserhalb vum NATO-Bündnis net ze assuréiere sinn, woraus sech eng gewëssen Aart a Weis vu Behuelen och an dësem bedauerlechen an ofzeleenende Konfliktfall ergëtt.

D'Soliditéit vun deem transatlantesche Lien ass net d'Solidaritéit an d'Soliditéit vun de Relatiounen tëschent deenen, déi am Moment regéieren, c'est l'affaire des peuples. An deem Mooss, wou dat eng Affär ass, déi op eng laang Zäit eraus déi nordamerikanesch Völker mat deenen europäesche Völker op enger gemeinsamer Ambitiounspist muss verbannen, muss een d'Noutwendegkeet vun der Erhalung vun deem Lien virun Aen hunn.

Ech sinn all deene Riedner, ugefaange beim Här Asselborn bis zum Här Bausch, dankbar, déi drop verzicht hunn an dëser Debatt antiamerikanesch Téin an hiren Diskurs afléissen ze loossen an déi d'Noperschaft an d'Proximitéit vun den Usiichten iwwert den aktuelle Konflikt eraus vun den nordamerikaneschen öffentleche Meenungen an den öffentleche Meenungen an Europa, wéi ech fonnt hunn, gebührend an zu Recht ënnerstrach hunn.

Mir hunn eis an deene leschten Deeg, d'Madame Polfer op dem Niveau vun den Ausseministeren an ech selwer um Niveau vun de Regierungschefen, intensiivst ënnerhale mat eise Partner an der Europäescher Unioun an am nordatlantesche Verdeedegungsbündnis, fir zur Konklusioun ze kommen dass éischtens am Chef vun deene meeschte Regierungen déi amerikanesch Décisioun, déi vun anere gedeelt gëtt, op Ofleenung stéisst, an zweetens am Chef vun allen NATO-Regierungen d'Bereetschaft besteet fir aus de Bündnisverpflichtungen eraus déi Obligatioune wouer ze huelen, déi d'weider Behalen an déi weider Festegung vum transatlantesche Lien bedingt.

Och déi belsch Regierung - ech wëll dat just soen, fir dass ee vläicht net weider falsch Rieden op deem Thema soll halen - huet haut de Moien, ech hunn um halwer dräi mam belsche Premier geschwat an d'Madame Polfer mam belschen Ausseminister, décidéiert déi Linn ze fueren an dëser Bezéiung wat d'Hëllefleeschtung fir eis Alliéierten ubelaangt, déi vun den däitschen, der franséischer an der lëtzebuergescher Regierung an deene leschten zwee Deeg an och haut ageholl ginn ass. Dofir soll ee vläicht de Versuch ënnerloossen, d'lëtzebuergesch Regierung an d'belsch Regierung op deem Punkt auserneen ze dividéieren. Déi Auserneendividéierei gëtt et net.

Sou wéi ech schonn am Dezember gesot hat, bleift et bei der Positioun déi d'Regierung hat. Ech hat am Dezember gesot, wann et zu deem Krich géif kommen, da gëllt fir dëst Land, dass mer eis selbstverständlech net un deem Krich bedeelegen an dass mer déiselwecht Bündnisverflichtungen iwwerhuele wéi Däitschland, wéi Frankräich a wéi d'Belsch. Dat ass net eréischt zënter dem 26. Februar d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung mä zënter dem Dezember, an et ass genau déi Positioun déi haut och vun deenen dräi Regierunge vun eisen Nopeschlänner, vun der griichescher Rotspresidentschaft, mat där mir laang communiquéiert hunn an deene leschten Deeg, a vun aneren Alliéierten, déi gläichzäiteg Member vun der Europäescher Unioun a vun der NATO sinn, ageholl ginn ass.

Eis Suerg bleift nieft der noutwendeger Fleeg vun deem transatlantesche Soliditéitslien och déi Opfuerderung un eis eegen Adress an un d'Adress vun eise Frënn, fir déi gemeinsam europäesch Sécherheets - an Aussepolitik ze stäerken. Déi spezifesch Irakkris hei, sou déifgehend an esou bedauerlech wéi se och ass, däerf net als Konsequenz hunn, dass d'Europäer hiert Beméie fir zu enger gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik ze kommen, fir e gemeinsame politesche Wëllen an deem Beräich entstoen ze loossen a sech déi gemeinsam Instrumenter fir d'Gestaltung vun deem politesche Wëllen ze ginn, dass déi Beméiungen ofhuelen, a mir mengen dass dës Kris, an där mir eis als Europäesch Union net grad brillant aus der Affär gezunn hunn, muss genotzt gi fir - „exemples à l'appui, terribles exemples à l'appui" - ze weisen an ze léieren, dass dat doten net d'Fassong ka si wéi sech Europa op der internationaler Bühn soll positionéieren.

Wéi anerer si mer der Meenung, dass d'UNO mat hirer Aarbecht an dësem Konflikt net fäerdeg ass an dass een d'UNO net nëmmen am Gespréich muss halen, mä dass een d'UNO um Dësch vun de Léisungsméiglechkeetsvirbereedunge muss halen. Dat gëllt a besonneschem Mooss fir déi Aktivitéiten a fir déi Aktiounen déi musse gräife wann de militäresche Konflikt eriwwer ass a wann et zur friddlecher post-konfliktueller Begradegung am Irak an an där Regioun kënnt. Dat muss ënnert dem Leadership vun der UNO geschéien, et kann net sinn dass d'Léisung vun der post-konfliktueller Situatioun eng Verlängerung vun den Unilatéralismë gëtt, déi zu der Noutwendegkeet vun enger post-konfliktueller nees Opbauaarbecht féieren, an dofir menge mer dass een der UNO muss eng wichteg Plaz aberaume fir während der Dauer vum Konflikt kënnen initiativ ze ginn a fir no Bëendegung vum Konflikt kënnen initiativ ze ginn, fir ze verhënneren dass no dem Krich en neie Krich entsteet, deen erëm mat unilaterale Gesënnunge géif begradigt ginn. Mir mengen, dass besonnesch och nom Konflikt an zum Zweck vun der friddlecher Opbereedung vum Gesamtraum ronderëm den Irak déi multilateral Approche, déi nëmmen d'UNO garantéiert, muss eng weider Chance kréien, a setzen eis och an deenen nächsten Deeg dofir an.

Et stellt sech natierlech d'Fro vun der Sécherheet heiheem. D'Regierung huet an deene leschte Wochen e Sécherheetsplang opgestallt ënnert der Leedung vum Innenminister, dem Här Michel Wolter, dee verschidde Phase virgesäit. Et ass d'Absiicht vun der Lëtzebuerger Regierung an och d'Flicht vun der Lëtzebuerger Regierung, fir déi Sécherheetsmoossnamen ze treffen, déi mer fir eis eege Sécherheet brauchen an déi mer fir d'Sécherheet vun den Anlage vun den Alliéierten op dem Buedem vun eisem Land mussen ergräifen. Dofir geschéien alleguer déi Sécherheetsmoossnamen a ginn alleguer déi Sécherheetsdispositifen en place gesat, déi ee brauch zur maximaler Ofsécherung vun der Sécherheet vun de Leit hei am Land a vun der Sécherheet vun deenen déi sech hei am Land ophalen. Dat betrëfft déi physesch Integritéit wéi och déi materiell Protectioun, déi mer hei am Land ze assuréieren hunn.

Mir hu fir de Moment keng sécherheetserkenntlech Hiwäiser dorop, dass eng akut Bedroung zu Lëtzebuerg géif bestoen. Ech wier dofir frou, wann d'Lëtzebuerger hir Rou géife behalen, sech net panikaarteg géifen duerch Gerüchter oder duerch aner Virgäng alertéiere loossen. D'Regierung mécht an dësem Punkt hir Aufgab a communiquéiert an deem Mooss an dësem Zesummenhang wéi et noutwendeg ass, dass een doriwwer communiquéiert. D'Regierung kann eng 100%eg Sécherheet net garantéieren. Si kann awer garantéieren, dass se 100% fir d'Sécherheet vun de Lëtzebuerger mécht.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka mech ganz kuerz faassen, well de Premierminister huet d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung hei virgedroen.

Haut, esou wéi an deene leschte Méint, hat d'Lëtzebuerger Regierung vun Ufank un eng kohärent Haltung. Et war déi, fir vun Ufank un am internationale Kader no enger friddlecher Léisung vum Irakkonflikt ze sichen. Leider, an dat stelle mer haut alleguer zesumme fest, konnt de Prozess vun der Resolutioun 1441 net zum friddlechen Ofschloss féieren, leider konnte wéinst der militärescher Pressioun, déi doduerch opgebaut ginn ass, d'Inspektiounen net op eng koordinéiert Aart a Weis bis zum Schluss weider geféiert ginn. Dat bedauere mer alleguerten zesummen hei.

De Saddam Hussein war vun Ufank un op der Uklobänk. Hie war dat an hien ass dat och. Hie wäert och deen heite Konflikt verléieren, awer mat him wäerte leider nach vill Leit Saache verléieren. Vill Leit wäerten hiert Liewe verléieren. A mir hu scho vill verluer.

De Saddam huet et nämlech fäerdeg bruecht d'Welt ze dividéieren. Hien huet et fäerdeg bruecht Europa ze dividéieren, an et ass dofir héich Zäit dass deem en Enn gesat gëtt, där Divisioun, an dofir hoffen ech - an dat soll wéi an alle schwéiere Momenter awer en Hoffnungszeeche sinn - dass mer ganz schnell eis Eenegkeet nees erëmfanne fir mat ze hëllefe beim Opbau da vun dem Irak, wann déi militäresch Aktioun fäerdeg ass. D'Lëtzebuerger Regierung huet do hir Disponibilitéit ganz kloer ënnerstrach. Ech hoffen dass zesumme mat der Europäescher Unioun, wou mer den Owend eng Réunioun zwëschent deene 15 Ausseminister hunn, mer kënnen op eng koordinéiert Aart a Weis déi Kéier eis Efforte wierklech ficeléieren, a mat villen ONGen, déi deen Effort vun der Regierung wäerte begleeden an domat e nach méi staark wäerte maachen, enger Situatioun déi laang, ze laang Misär fir ganz vill Leit bedeit huet, zesumme kënnen en Enn maachen.

Ech soen op alle Fall fir déi Ënnerstëtzung an déi Diskussiounsméiglechkeeten, déi mer zesummen hei an deene leschte Méint haten, merci. Ech gleewen net dass op ville Plazen esou oft an esou oppe konnt iwwert déi Situatioun, déi net einfach war, geschwat ginn. Wéi gesot, ech hoffen dass mer un dat méi Positiivt geschwë kënnen denken, an dat ass deene Leit, déi ze laang scho gelidden hunn, ze hëllefen.

Ech soen Iech merci.

## 4. Heure de questions au Gouvernement

**M. le Président**.- D'Aktualitéitsstonn iwwert de Konflikt am Irak ass ofgeschloss a mir kommen zur Froestonn un d'Regierung. D'Froe kommen ofwiesselnd vun der Majoritéit a vun der Oppositioun. An da wollt ech nach dobäi soen, dass par rapport zum Relevé, dee verdeelt ginn ass, opgrond vun eisem modifizéierten Ordre du jour, e puer kleng Ännerungen ze verzeechne sinn.

Fir d'éischt huele mir elo, op Ufro vum Här Minister Grethen, d'Fro 292 vum Här Aly Jaerling iwwer eng eventuell Fusioun zwësche Mecan-ARBED a Paul Wurth. D'Wuert huet elo den Här Jaerling.

**- Question N°292 du 18 mars 2003 de Monsieur le Député Aly Jaerling concernant une fusion envisagée entre Mecan-ARBED Dommeldange et Paul Wurth S.A., adressée au Ministre de l'Economie**

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här President, Här Minister, nodeem dass virun ongeféier zéng Joer den Engineering vu Paul Wurth a vu Mecan-ARBED Dummeldeng zu méi enger enker Zesummenaarbecht zesummegeréckelt ass, eng Zesummenaarbecht déi am Fong am Kader vun der Compétitivitéit vun deenen zwee Betriber gemaach ginn ass, déi och ganz fruchtbar war, war awer deemools festgehale ginn, dass dat sech just géif op den Engineering vun deenen zwee Betriber festleeën an dass d'Personal vu Mecan-ARBED Dummeldeng am Fong net betraff wier an och de Statut géif behalen.

Elo sinn awer Bestriewungen do fir och d'Personal vun deenen zwee Betriber zesummen ze leeën, dat heescht dass bei der ARBED, elo Arcelor, eng Aart Outsourcing geschitt, dass d'Personal vu Mecan-ARBED Dummeldeng elo soll integréiert ginn a Paul Wurth.

Meng Froen un den Här Minister: Stëmmt et, dass dat esou ass? A wa jo, wat sinn d'Ursaachen? Wéini geet dat vu sech? Wat fir eng Konsequenzen huet dat fir d'Personal vu Mecan-ARBED Dummeldeng? Wat fir eng Konsequenzen huet dat op de Statut vum Personal vu Mecan-ARBED Dummeldeng? Wat fir eng Konsequenze wäert dat dann och hunn op déi kommend Sozialwahlen?

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen.

**M. Henri Grethen,** *Ministre de l'Economie*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci fir d'éischt dass ech konnt ganz zum Ufank schwätzen, well ech eng aner Obligatioun hunn, déi verlaangt dass ech an enger halwer Stonn mat engem Investisseur schwätzen, dee schonn hei zu Lëtzebuerg ass.

Beim Här Jaerling senger Fro, Här President, hunn ech mech gefrot, ob déi Fro iwwerhaapt an dës Heure de questions passt. Well wann ech d'Reglement richteg an Erënnerung hunn, da kënnen d'Questions d'intérêt général hei diskutéiert ginn, dat ass se bestëmmt net, ou d'actualité politque, an dat ass se och net, esou dass also, wann esou eng Fro gestallt gëtt, Här President, ech géif drëms bieden, dass een awer géif kucken dass se och an d'Reglement erapasst.

Muss ech erënneren, Här President, dass Mecan-ARBED, déi zum Groupe Arcelor gehéiert, eng Privatgesellschaft ass, déi zu 96% ARBED S.A. gehéiert an de Rescht zu Arcelor Finances, an dass op där anerer Säit Paul Wurth och eng Privatgesellschaft ass, déi zu 48% direkt oder indirekt zum Groupe Arcelor gehéiert, d'Lëtzebuerger Regierung also net vun deene Gesellschafte gefrot gëtt, wéi si sech sollen intern organiséieren.

Wann ech also d'Fro géif beäntweren, géif ech soen, et steet keng Fusioun un tëschent Mecan-ARBED a Paul Wurth. Dat ass d'Realitéit. Wat awer och ass, Här President, an et ass nëmmen aus Respekt virun dëser Chamber, dass ech dann op dee Volet aginn, dat ass fir ze soen dass am Moment um Niveau vu Paul Wurth a vun der Mecan-ARBED Diskussiounen amgaange si fir ze kucken, dass een Ateliere vu Paul Wurth kënnt a Mecan-ARBED integréieren, well den Atelier vu Paul Wurth komportéiert mengen Informatiounen no am Moment ronn 70 Mataarbechter, déi vu Mecan-ARBED nach ongeféier 200 Mataarbechter. Et gëtt driwwer nogeduecht, ob ee kann den Atelier vu Paul Wurth an dee vu Mecan-ARBED integréieren. Sollt dat geschéien, da wëssen d'Spezialisten, déi sech jo mat ganz vill Zäertlechkeet dëse Problemer widmen a mat ganz vill Intensitéit, dass de Statut vun de Leit, déi bei Mecan-ARBED schaffen, net méi schlecht ass wéi dee vu Paul Wurth.

Wat fir d'Lëtzebuerger Regierung wichteg ass, dat ass dass d'Aarbechtsplazen ofgeséchert ginn, dass kompetitiv Entreprisë bestoe bleiwen. Ech muss Iech éierlech soen, Här President, an dat ass dee leschte Volet vun der Fro: Ech maache mer manner Suerge wou, wéini a wien däerf bei Sozialwahle matwielen. Den Aarbechtsminister wäert sécherlech kënnen déi Haltung deelen, wëssend dass déi Leit op alle Fall op där Plaz, wou se dee Moment ageschriwwe sinn, däerfe matwielen. Merci.

**M. le Président**.- Wann d'Chamber d'accord wier, da géife mer d'Froen, déi un de Minister Biltgen geriicht sinn, deen aus professionnelle Grënn onvorhergesehenerweis muss d'Sëtzung geschwë verloossen, virzéien. Dat ass fir d'éischt emol d'Fro 288 vum Här Lucien Lux un den Aarbechtsminister iwwert d'Bekämpfung vum Stress a vum Mobbing.

D'Wuert huet den Här Lucien Lux.

**- Question N°288 du 18 mars 2003 de Monsieur le Député Lucien Lux concernant la mise en place et le fonctionnement d'une structure de concertation tripartite pour la lutte contre le stress et le mobbing, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi**

**M. Lucien Lux** *(LSAP)*.- Här President, meng Fro huet sécherlech net zum Zweck hei iwwert d'Problematik, d'Bedeitung, d'Gravitéit vun de Stress- a Mobbingseffeten an der Aarbechtswelt ze diskutéieren, mä fir awer vläicht e bësse Klorheet vum Aarbechtsminister an domadder vun der Regierung ze kréien iwwert de Wee dee se wëllt goe fir d'Bekämpfung vun deene Phenomener unzegoen.

Dir wësst alleguerten heibannen, dass während laanger Zäit d'Mobbing a.s.b.l., déi gegrënnt gi war, fir dass op deem Plang bei der Bekämpfung méi sollt geschéien, eng gesetzlech Basis verlaangt huet fir d'Effete vu Mobbing ze bekämpfen um Niveau vun der Aarbechtswelt.

Meng Wéinegkeet huet de 4. Juli 2002 e bëssen an deem Sënn och eng Proposition de loi gemaach, zu där d'Regierung en Avis gemaach huet Enn d'lescht Joer, ech mengen et war am November, bei deem ech net ganz Zefriddenheet kritt hunn. Mä ech kréie vläicht nach eng Kéier d'Geleeënheet heiriwwer ze schwätzen.

Schlussendlech huet Enn d'lescht Joer den OGB-L zesumme mat der Ligue d'Hygiène sociale e Virschlag gemaach iwwer eng Berodungsstell, déi d'Problemer vum Stress soll bekämpfen, an Dir selwer, Här Aarbechtsminister, hutt dann décidéiert, souwäit meng Informatioune richteg sinn, e Groupe de travail anzesetzen, an engem Bréif deen Der de Sozialpartner am November zoukomme gelooss hutt.

Meng Froe sinn also: Wéini oder wou agencéiert sech dee Groupe de travail an der Aart a Weis

d'Bekämpfung vum Mobbing a Stress virzehuelen? Wéini soll dee Groupe de travail mat sengen Aarbechten ufänken? Iwwerhaapt, wat ass de Grond firwat dass en dat säit dem November net gemaach huet? A schlussendlech och, wat sollen d'Zilsetzunge vun deem Groupe de travail sinn? Soll deen e Projet de loi, also eng gesetzgeberesch Basis virbereeden, oder soll dee just dofir do si fir déi Berodungsstell, wéi se proposéiert ginn ass, ze strukturéieren an iwwert de Finanzement dovunner an esou weider ze diskutéieren? Déi Klorheeten also, wat mer um Niveau vum Stress an dem Mobbing, a virun allem och deem Groupe de travail, wou dee soll higoen a wat seng Zilsetzunge sinn, wieren déi Froen déi ech un den Aarbechtsminister hätt.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass eng Fro déi ech gäre beäntweren am Numm vun der Regierung, virun allem am Numm vum Carlo Wagner, Gesondheetsminister, a vu mir selwer. Wa mer nämlech déi zwee Domäner huelen, Stress op der Aarbecht, respektiv Mobbing, sinn et zwee Champs d'acitivité oder zwee Problemfäll, déi eigentlech eis zwee Ministèrë betreffen. Deen een éischter de Gesondheetsministère, deen aneren éischter den Aarbechtsministère, mä et sinn Interferenzen tëschent dem Problem Stress an dem Problem Mobbing.

Stress kann zu Mobbing féieren, muss net zu Mobbing féieren. Mobbing ka vu Stress kommen, kann och vun anere Saache kommen. Et muss een dat einfach esou wëssen. Wann ech just nach däerf eng Klammer opmaachen iwwer Mobbing: Wat Är Proposition de loi ubelaangt, Här Lux, ass et jo esou, dass ech ëmmer gesot hu mir géifen Aktiounen ënnerhuele géint de Mobbing. Ech wier just net frou wa mer géifen nëmme repressiv Weeër aschloen. Et si Saachen déi ech gutt fonnt hunn an Ärer Proposition de loi, an et si Saachen déi ech manner gutt fonnt hunn. Dat ass déi, fir nëmme repressiv géint de Mobbing virzegoen.

Wann Der den Audit vum Bureau International du Travail liest iwwert d'Gewerbeinspektioun, stellt Der fest, dass déi eigentlech op menger Linn sinn a soen, mir sollen am Kader vum Sécurité-Santésgesetz vun 1994 Dispositiounen aschreiwen, ganz lapidar nëmmen an nëmme preventiv iwwer Mobbing, esou dass déi Attitüd, déi ech do geholl hunn, awer och vun international autoriséierten Organer gedeelt gëtt.

Mir hu versicht, de Carlo Wagner an ech selwer, schonn am November, Dezember eis zesummen ze setze fir ze kucke wéi mer am effikassten déi ganz Problematik Stress a Mobbing uginn, a mir hunn och du schonn d'lescht Joer décidéiert en Aarbechtsgrupp anzesetzen.

Wat d'Budgetsmëttelen ubelaangt, ass et esou dass am Gesondheetsministère traditionell eng Budgetslinn besteet wat Stress ubelaangt, wou eben d'Ligue de Prévention d'Hygiène sociale driwwer leeft. Iwwer Mobbing ass et nach keng Budgetslinn ginn. Dir hutt awer am Budget 2003 hei an dëser Chamber mer esou eng kleng Kredittlinn gestëmmt, esou dass et och do elo méiglech ass eppes ze maachen.

Déi Fro déi muss gekläert gi vun deem Aarbechtsgrupp, wou eng ganz Partie vu Beamten dra sëtzen, souwuel vum Gesondheetsministère wéi vum Aarbechtsministère, mä och d'Sozialpartner oder déi interesséiert Partner, loosse mer mol esou soen, net nëmmen d'Sozialpartner mä och d'Ligue respektiv Mobbing a.s.b.l, déi sollen eis eng Äntwert ginn zu der Fro: Gi mer hei getrennt vir? Maache mer Stress zum Beispill am Gesondheetsministère a maache mer Mobbing am Aarbechtsministère oder schafe mer eng gemeinsam Struktur? Wat ass d'Roll an där Struktur vun de staatlechen Instanzen? Wat ass d'Roll vun deene méi privatrechtlechen Instanzen?

Mir stellen zum Beispill beim Mobbing fest, dass obwuel och d'Gewerbeinspektioun haut schonn zoustänneg ass fir Mobbing opgrond vum 1994er Sécurité-Santésgesetz, obwuel dat net expressiv verbis dra stee, mä d'Gewerbeinspektioun ka schonn haut befaasst sinn. Ganz vill Leit hunn Angscht bei d'Gewerbeinspektioun ze goen, währenddeem d'Privatstrukturen éischter d'Vertraue fanne vun deene Leit déi gemobbt sinn oder menge si wäre gemobbt.

Dat sinn alles Froen, déi ee muss ofkläeren. Et huet kee Wäert fir elo hei iergendwéi grouss, deier, nei Strukturen ze maachen, wann dat net ofgekläert ass, wéi een zesumme schafft. Maache mer zwou Strukturen? Wat ass den Apport vum Privaten? Wat ass den Apport vum Staatlechen? Dat si Froen, do brauchen d'Leit méi laang Zäit fir dat ze beäntweren.

Et ass awer richteg, dass mer elo schonn am Mäerz sinn an dass et Zäit gëtt, dass mer och do ukommen. De Carlo Wagner an ech selwer hunn net méi spéit wéi d'lescht Woch eise Beamte gesot - mir hu se net gemobbt, mä mir hunn hinne mat Insistenz gesot - si sollen déi Viraarbechte weiderféieren, fir dass mer effektiv esou séier wéi méiglech kënnen lech och hei konkret Resultater virleeën.

Merci.

**M. le Président**.- Da komme mer zur Fro 289 vum Här Jaerling un den Här Aarbechtsminister François Biltgen iwwert d'Préretraite. D'Wuert huet den Här Jaerling.

**- Question N°289 du 18 mars 2003 de Monsieur le Député Aly Jaerling concernant la préretraite ajustement Arcelor et la préretraite solidarité, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi**

**M. Aly Jaerling** *(ADR).*- Här President, d'Préretraite ajustement huet jorzéngtelaang dozou gedéngt fir den Aarbechtsplazofbau vun der ARBED, elo Arcelor, vu 27.000 op 7.000 Salariéen ze förderen.

D'Préretraite ajustement, déi vum Aarbechtsminister muss accordéiert ginn, sollt eigentlech dozou déngen d'Leit éischter an d'Pensioun ze schécke fir domadder Jonken de Wee opzemaachen zum Aarbechtsmaart. Et sollt also eng beschäftegungspolitesch Mesure sinn, déi awer net dee beschäftegungspoliteschen Erfolleg hat wéi se dat hätt missen, well eben déi Ofgäng net duerch adequat Astellunge vu Jonke kompenséiert gi sinn. D'Stolaarbechter stelle sech awer elo d'Fro, anhand vu Gerüchter déi kursëieren, ob Arcelor elo keng Verlängerung méi vun der Préretraite ugefrot huet.

Dofir meng Fro un den Här Minister: Stëmmt dat? Wann dat net stëmmt, gëtt dann awer d'Préretraite ajustement weider accordéiert? Wa jo, wéi laang an a wat fir enger Form? Gëtt endlech d'Préretraite ajustement am Fong nach just esou accordéiert wann och Neiastellunge vu Jonken domat verbonne sinn? Kënne mer net elo schonn an der zoustänneger Kommissioun iwwert d'Modalitéite vun der Préretraite ajustement an iwwer eng Analys vun der Préretraite solidarité diskutéieren, anstatt ze waarde bis mer als Parlament erëm eng Kéier vun der Tripartite virun e Fait accompli gestallt ginn?

Ech hu gesot d'Préretraite wier e beschäftegungspolitescht Instrument a misst dofir och vum Fonds pour l'emploi integral gedroe ginn. D'Préretraite gëtt awer zum Groussdeel aus dem Rentefong bezuelt, wat falsch ass. Do si säit 1993 iwwer 10 Milliarde vum Rentefong ëmgeleet gi fir eng Beschäftegungsmesure ze bezuelen. D'Regierung gëtt es net midd ze deklaréieren, d'Renten aus dem Privatsecteur wäre laangfristeg net ofgeséchert, trotz Reserve vun 200 Milliarden. Dann dierfen awer och keng Suen aus de Rentefongen ëmgeleet gi fir Beschäftegungsmesuren ze finanzéieren.

Mir haten als ADR e Projet de loi hei deponéiert, fir datt keng Sue méi aus de Rentefongen duerfe fir d'Préretraite an d'Beschäftegungsfongen ëmgeleet ginn. Wou ass déi Proposition de loi drun a wéini kënnt se hei zur Diskussioun?

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dat ass eng helle Bootsch vu Froen, déi den Här Jaerling hei huet. Ech wäert versichen a véier Minutten op alles eng Äntwert kënnen ze ginn.

Ier ech awer kann Äntwerte ginn, muss ech fir d'éischt hei Rechtsopklärung ginn iwwert de System vun de Préretraiten. Et ginn nämlech verschidde Systemer vu Préretraiten.

Et gëtt emol virun allem d'Préretraite ajustement. Dat ass eng Moossnam, déi mer a Krisenzäiten agefouert hu fir Betriber déi mussen ofbauen, wou wierklech Personal reduzéiert gëtt, fir deene kënnen ze erméiglechen dat Personal ofzebauen. Dat ass also eng Moossnam déi de Betrib selwer, den Employeur, ka froen. Entweder de Betrib freet déi Préretraite ajustement oder hie freet se net. Wann hie se freet, da wëll dat nach net soen dass se accordéiert gëtt. Och wa se accordéiert gëtt, ass et esou dass dann d'Regierung ka festleeën, opgrond vun engem Avis vum Comité de conjoncture, wéi vill de Betrib bäileet. Dat hänkt vu senger Finanzlag of.

Mä et ass net d'Regierung déi décidéiert, ob e Betrib d'Préretraite ajustement kritt oder net kritt. Dat heescht an der Arcelor, fir Är konkret Fro ze huelen, kann d'Préretraite ajustement nëmmen dann accordéiert ginn, wann och de Betrib selwer déi Préretraite ajustement freet. Dat ass emol den éischte Prinzip.

Dann ass et esou, dass d'Préretraite ajustement u sech do ass fir Leit ofzebauen, Här Jaerling. D'Préretraite ajustement ass net gekoppelt un eng Neiastellung vu Leit. Do wou de Problem vun der Préretraite ajustement méi komplex gëtt, dat ass wann de Betrib seet: Ech brauch d'Préretraite ajustement fir Leit ofzebauen, mä op där anerer Säit wëll ech Leit astellen. Dat ass dat wat an der ARBED respektiv haut an der Arcelor effektiv geschitt ass, zënter dass ech Aarbechtsminister sinn. Dat huet awer näischt domat ze dinn datt ech Aarbechtsminister gi sinn, mä et huet eppes mat der Lag an deem Betrib ze dinn.

Zënterdeem datt ech Aarbechtsminister sinn hunn ech all Joer op d'mannst 100 Neiastellunge bei der Arcelor accordéiert. Do stellt d'Fro sech, ob iwwerhaapt dann d'Préretraite ajustement nach dat richtegt Instrument ass, wann an engems agestallt gëtt. Allerdéngs soen ech lech och, dass mer am Gesetz virgesinn hunn dass d'Préretraite ajustement och ka gebraucht gi fir eng Pyramide d'âge ze änneren. Dat ass bei ARBED/Arcelor ëmmer an deene leschte Joren e Problem gewiescht.

Mir hunn e politeschen Accord fonnt, d'Sozialpartner plus d'Regierung, mä wéi gesot, dat war op eng Demande hi vun der ARBED respektiv der Arcelor an enger Tripartite fir d'Préretraite ajustement nach weider ze accordéieren. Dat war en Accord vun de Sozialpartner, deen d'Regierung finanziell begleet, well do huet ee sech missen eens gi wat d'ARBED respektiv d'Arcelor géif dem Fonds pour l'emploi zréckerstatten. Mir sinn eis eens ginn, dass dat nach fir dëst Joer an och nach fir d'nächst Joer leeft.

Wat duerno ass, ass eng Fro vum Droit commun, an dat hu mer och an dem Tripartitesaccord festgehalen, dass wann eppes soll geschéien, ee sech muss an den Droit commun setzen. Den Droit commun, dat ass d'Préretraite ajustement, woubäi ech lech soen dass wann de Betrib net d'Préretraite ajustement freet, se net kann imposéiert ginn.

Zweetens den Droit commun ass och d'Préretraite solidarité. Bei der Préretraite solidarité ass et esou, dass dann effektiv och ee muss nei agestallt ginn en contrepartie. Allerdéngs muss dat ee sinn, deen zwou Konditiounen nom Gesetz erfëllt. Éischtens muss hien deen ersetzen dee fortgeet an zweetens muss hien ageschriwwe si bei der Administration de l'Emploi. Beim zweete Punkt krute mer ëmmer, net nëmme vun der ARBED, mä och vun anere Sozialpartner erkläert, datt dat kee gudde Modell wär, well si keng Leit am Chômage fanne géifen. Dat géif ech gären duerchdiskutéieren, besonnesch mat all deene Leit déi mengen d'Regierung wär zoustänneg fir all Chômeur. „Da misst ee jo ee fannen", soen ech deene Leit, déi dat behaapten. D'Préretraite solidarité ass en Accord dee kann iwwer Kollektivvertrag gemaach ginn. Dat ass also absolut méiglech bei der Arcelor.

Dann hu mer nach d'Préretraite progressive. An der Tripartite sidérurgique hu mer d'Sozialpartner opgefuerdert fir ënnert sech ze kucke wat den Droit commun kéint vu Problemer léisen de part et d'autre, well do huet d'Arcelor doudsécher aner Problemer wéi d'Gewerkschaften.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Entschëllegt, ech probéieren esou séier wéi méiglech fäerdeg ze sinn.

**M. le Président**.- D'Deputéierte solle roueg sinn an lech nolauschteren, Här Minister.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Dat sinn ech gewinnt, dass kee mer nolauschtert.

**Plusieurs voix**.- Oh!

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Am Regierungsrot lauschteren d'Leit mer méi no wéi hei.

De Punkt ass, dass wann den Droit commun wierklech net appropriéiert wär, mer als Regierung gesot hunn, dass mir da géife kucke awéiwäit den Droit commun misst geännert ginn. A wann ech soen den Droit commun änneren, da wëllt dat net soen extra ännere fir d'ARBED oder d'Arcelor, mä ännere fir déi ganz Wirtschaft. Dee Moment wou mer missten d'Gesetzer änneren iwwert d'Préretraite ajustement, d'Préretraite solidarité, d'Préretraite progressive, a mer hunn nach d'Préretraite Schichtaarbechter vun där ech net geschwat hunn, wou op d'mannst 60% vun den Aarbechter bei der ARBED souwisou drënner falen - dat ass e Recht fir déi Leit an dat ass erëm eng aner Form vu Préretraite -, also wa mer missten dee ganzen Droit commun änneren, da géife mer selbstverständlech d'Chamber domat befaassen.

Fir de Rescht ass dat zurzäit eng Fro un d'Sozialpartner an net eng Fro un d'Regierung. D'Sozialpartner musse sech eens ginn: Ass d'Préretraite ajustement nach gewënscht? Ass d'Préretraite solidarité och nach gewënscht? D'Préretraite Schichtaarbecht ass geschëllt a bei der Préretraite progressive ass et och d'Fro, ob se nach gewënscht ass. Déi Froe mussen si beäntweren an duerno bei d'Regierung zréckkommen.

Dann hutt Dir d'Fro gestallt vun Ärer Proposition de loi. Här Jaerling, do stellt Dir un d'Regierung eng Fro, déi Der misst un d'Parlament stellen. D'Regierung huet eng Stellungnahm ofginn zu Ärer Proposition de loi, déi net favorabel ass fir déi Proposition de loi. Dee Moment ka se um Instanzewee weidergoen.

Ech ginn dovunner ass, dass Är Proposition de loi - dat kënnt Dir awer hei besser gewuer gi wéi iwwer mech - bei dem Conseil d'Etat läit. Ech ginn dann des Weideren dovunner aus, soss hätt Dir mer d'Fro net gestallt, dass de Conseil d'Etat nach keen Avis zu Ärer Proposition de loi ofginn huet. Méi kann ech dozou net soen. Dir gitt doudsécher méi an der Chamber gewuer wéi iwwer mech.

Merci.

**M. le Président**.- Kolleegen, mir sinn nach befaasst mat enger Dringlechkeetsfro vum Här Colombera un d'Madame Ausseministerin déi muss op Bréissel goe wou eng Dringlechkeetssëtzung vun den EU-Ausseministere stattfënnt. Mir géingen dann, wann Der d'accord sidd, den Här Colombera bieden seng Fro ze stellen, fir datt d'Madame Ausseminister nach kann drop äntwerten. Här Colombera, maacht d'Saach kurz und bündig.

**5. Question urgente N°2094 de M. Jean Colombera relative aux conseils généraux de sécurité du Ministère des Affaires étrangères aux voyageurs au Proche-Orient**

**M. Jean Colombera** *(ADR).*- Ech maachen et ganz kuerz. Ech wollt d'Madame Ausseministerin froe wéi d'Reiseempfehlunge vun der Regierung sinn. Et sinn nach ganz vill Leit, déi haut oder muer gäre wëlle fort fueren an d'Golfregioun oder an déi Géigenden niewendrun. Wat sinn dann do d'Reiseempfehlunge vun der Regierung? Solle se dohinner goen oder net?

Déi zweet Fro, déi ech wollt stellen: Wéi ass et mat de Lëtzebuerger Leit, déi do wunnen?

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Hunn déi scho Recommandatioune kritt fir zréckzekommen? Wéi ass do d'Haltung vun der Regierung?

Merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Merci, Här President. Also wat deen éischten Deel vun der Fro ubelaangt, ech mengen, do brauch ech net wierklech drop ze äntwerten. Ech mengen, déi Äntwert ka jiddferee sech selwer ginn, ob de Moment dee richtege Moment ass fir an déi dote Géigend Vakanz maachen ze goen, quitte dass et vläicht waarm ass, mä ech gleewen datt déi normal Leit do zu hirer eegener an hirer richteger Konklusioun kommen.

Wat awer elo deen zweete Volet vun der Fro ubelaangt, deen effektiv eng ganz prezis Äntwert ka kréien: Mir hunn eis scho méi laang Gedanke gemaach wéi vill vun eise Ressortissanten an dem Irak oder an den ëmleiende Länner

sinn. Dat sinn der Gott sei Dank net vill: am Irak ass keen - ech schwätzen elo vu Lëtzebuerger -, am Kuwait sinn der sechs, am Bahrain aacht, am Katar een, a Syrien een an an den Emirats arabes 31. Dat si Leit, déi a priori effektiv kéinte gefährdet sinn.

Duerfir hu mer déi néideg Schrëtt ënnerholl fir de Fall vun enger Evakuéierung, wann déi Leit géinge wëllen evakuéiert ginn oder wann op eemol eng Urgencësituatioun kéim. Fir de Kuwait a Saudi-Arabien hu mer eis u Frankräich gewennt. Mir hunn do dat nämlecht gemaach wéi eis belsch Frënn, well déi eben do fir eis d'Evakuatioun géife matmaachen. Fir de Bahrain an de Katar ass et Däitschland, dat fir eis géif, wann de Fall sech géif stellen a wann d'Urgence kéim, déi Evakuatioun matmaachen.

Ech wëll och hei direkt nach eng Télefonsnummer duerchginn, wat d'Hotline am Ministère des Affaires étrangères ass, déi mer leider schonn e puermol hu misse gebrauche fir wann en Drénglechkeetsfall wier. Dat ass de 478-2400, wou 24 Stonnen op 24 Froe kënne gestallt ginn, wann eng Krisesituatioun sech géif zouspëtzen a wa, wéi gesot, Lëtzebuerger Ressortissanten do wieren oder wann een et net géing wëssen.

Déi Leit, déi ech Iech hei elo genannt hunn, si wuel verstanen déi Leit, déi do wunnen. Leit, déi effektiv op engem Voyage d'affaires sinn oder effektiv géingen do Vakanz maachen, sinn net an deenen heiten Zuelen derbäi. Dat ass eng aner Situatioun, mä dat hei sinn déi déi do wunnen a fir déi hu mer wéi gesot déi néideg Virsiichtsmoossname getraff.

Merci.

**M. le Président**.- Mir kommen dann zur Fro 275 vum Här Niki Bettendorf un den Innenminister iwwert d'Plans d'aménagement particuliers. D'Wuert huet den Här Niki Bettendorf.

## 6. Heure de questions au Gouvernement (suite)

**- Question N°275 du 17 mars 2003 de Monsieur le Député Niki Bettendorf au sujet des plans d'aménagement particuliers, adressée au Ministre de l'Intérieur**

**M. Niki Bettendorf** *(DP).*- Här President, Här Minister, déi Fro, déi ech gestallt hunn, betrëfft de Fonctionnement notamment vun der Commission d'aménagement vum Ministère de l'Intérieur, déi, wéi rapportéiert gëtt, iwwerfuerdert wier, déi d'Dossieren net zur Zäit traitéiert kritt.

D'Regierung hëlt all Initiative fir de Wunnengsbau ze förderen, fir datt Bauplazen a genügender Zuel op de Maart solle kommen, fir datt och d'Präisser solle gedréckt ginn, fir datt een zu engem raisonnable Präis kann un eng Bauplaz kommen, mä elo schéngt et awer wéi wann et géif bei der Commission d'aménagement vum Ministère de l'Intérieur happeren.

Ech hunn duerfir e puer Froen, déi ech wollt stellen. Déi éischt ass: Wéi vill Dossiere leien an der Kommissioun? Wéi vill Dossiere bréngt d'Kommissioun fäerdeg pro Woch fir se ze traitéieren? Wéi vill Bauplaze maachen dat aus, déi do leien, mä déi awer gebraucht ginn? Wéi vill Dossiere pro Woch oder pro Mount kann déi Kommissioun wierklech traitéieren?

Här Minister, ech muss Iech soen, d'Gemengen, d'Promoteuren, d'Privatleit, d'Particulieren an d'Architekten kréien an der leschter Zäit ëmmer deeselwechte Standardbréif geschriwwe wou dra steet: « Compte tenu de l'augmentation importante des dossiers à traiter, tant par la commission d'aménagement que par les services du Ministère de l'Intérieur, votre projet ne saurait par conséquence se voir accorder un rang préférentiel dont peuvent bénéficier » aner Projets d'aménagement généraux an esou weider. Déi bleiwen dann also leien an dat ass schued.

Ech muss Iech soen dass, wéi mer zum Beispill an der Fleegeversécherung, wou mer ugefaangen hu mat enger Cellule d'évaluation, mer do net nokomm si mat den Dossieren, dunn eng zweet, eng drëtt an eng véiert koum. Haut si mer souguer bei fënnef Cellules d'évaluation. Dofir meng Fro: Ass et net méiglech fir och d'Commission d'aménagement vum Intérieur opzestocken, wann et noutwendeg ass fir zousätzlech Bauplazen ze schafen?

Ech soen Iech merci am Viraus.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Innenminister Michel Wolter.

**M. Michel Wolter,** *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass richteg dass bei der Prozedur fir d'Approbatioun vu Gebailechkeete mer konfrontéiert si mat enger ganzer Rei vu Problemer, woubäi ech soe wëll dass déi sech net exklusiv um Niveau vun der Commission d'aménagement ofspillen, mä dass, wann een dat am Detail kuckt, wat awer net den Objet vun dëser Fro ass, mer op ganz villen Niveauen, sief et um Niveau vun de Promoteuren, sief et um Niveau vun de Gemengen, sief et um Niveau vun de Prozeduren, sief et um Niveau vun de Geriichter, eng ganz Rei vu Schwieregkeeten hunn.

Wat d'Commission d'aménagement ubelaangt kann ech soen, dass mer an der Regel iwwer eng Rei vu Jore gekuckt ronn mat 450 Dossiere pro Joer konfrontéiert ginn an där Kommissioun. Dovu ginn awer nëmme ronn 40% en fin de compte vum Innenminister approuvéiert. Dat heescht 60% vun der Aarbecht, déi d'Commission d'aménagement mécht, mécht se fir Projeten ze aviséieren, déi en fin de compte d'Prozedur net ofschléissen. Dat ass e Chiffer, dee ganz interessant ass an deen och beweist dass d'Commission d'aménagement en Deel vun hirer Aarbecht fir näischt mécht.

En zweete Punkt, deen ech wollt soen, ass, dass 90% vun den Dossieren, déi an d'Commission d'aménagement kommen, ganz kleng Dossiere si mat manner oder bis zu sechs Lousen oder Unités de logement. Ganz vill Gemenge ginn an enger Prozedur, déi ëmmer méi komplizéiert gëtt, net eens mat der Prozedur an d'Commission d'aménagement ass an deene leschte Joren ëmmer méi esou eng Zort Service technique vun de Gemenge ginn, wann déi Schwieregkeeten haten.

D'autant plus ass d'Proportioun vun de Leit fir um Enn vun der Prozedur op d'Geriichter ze goen, wa se net zu hirem komm sinn, amgaangen dramatesch ze steigen. Mir hunn ëmmer méi Dossieren, déi um Enn vun der Prozedur bei d'Juridictioune ginn. Duerfir hunn d'Gemengen a besonnesch déi kleng Gemengen eng natierlech Tendenz fir Dossieren, déi net missten an d'Commission d'aménagement kommen, an d'Commission d'aménagement ze schécken.

Mir mierken des Weideren, dass de PAP, deen am Fong geduecht ass als Exekutioun vum PAG, ëmmer méi vun de Gemenge benotzt gëtt als Derogatioun vum PAG. Eis Gemenge-PAGe sinn an der Regel ganz al. Iwwer 60% vun eise Gemengen hunn e PAG dee vu virun 1990 datéiert. Dat bréngt mat sech, dass eis Gemengen extrem vill Schwieregkeeten hu fir déi PAGen nach am Gréff ze halen an dat bréngt mat sech, dass déi PAPen, déi mer era kréien, ëmmer méi Dossiere ginn, wou d'Gemenge probéieren op eng Aart a Weis oder eng aner am Fong e Lotissement oder e Plang an de PAG eran ze kréien. Vu dass et méi einfach ass iwwert de PAG eng Derogatioun ze kréie wéi de PAP ëmzeänneren, well dat eng ganz laang a schwiereg Prozedur ass, hu mer och do festgestallt, dass mer ganz vill Dossieren era kréien.

Duerfir hunn ech wëlles am Laf vun dësem Joer eng Initiativ ze ergräifen, souwuel bei de Promoteure wéi och bei de Gemengen, mat allen Intervenanten déi do spillen, fir ze kucke sech eng Kéier op déi Froen do ze konzentréieren an ze gesi wéi mer d'Commission d'aménagement nëmmen nach mat Projete belaaschten oder befaassen, wou si an der Prozedur am Fong normalerweis virgesinn ass, dat heescht datt d'Viraarbechten do gemaach gi wou se solle gemaach ginn, respektiv dass zum groussen Deel nëmme Projeten dohinner kommen, déi d'Prozedur och ofschléissen. Et mécht a mengen Aen net ganz vill Sënn, datt mir eng Kommissioun lafen hunn déi 60% vun hirer Aarbecht op eng Aart a Weis mécht, déi herno net ofgeschloss gëtt.

Ech wëll des Weideren drun erënneren, dass mer am Projet de loi 4468, deen eng Reform vum Gesetz vun 1937 virgesäit, och en anere Fonctionnement vun der Commission d'aménagement virgesinn, dass mer awer haut - an dat ass eng Äntwert op Är lescht Fro, Här Bettendorf - an der Situatioun sinn, dass d'Commission d'aménagement no enger gesetzlecher Basis fonctionnéiert där mer net kënnen derogéieren. Et ass also net d'Fro eng Cellule, zwou Cellulen oder dräi Cellulen, mä et ass d'Fro dass d'Commission d'aménagement e gewëssene legale Kader huet, dee mer nëmmen duerch eng Ëmännerung vum Gesetz kënnen kréien.

Et ass richteg dass mer Problemer hunn um Niveau vum Personal, wat den Traitement vun den Dossieren ubelaangt, allerdéngs net um Niveau vun der Commission d'aménagement, mä um Niveau vum Ministère de l'Intérieur. Ech hat dräi Beamten, déi déi Dossiere gemaach hunn, wa se an d'Approbatioun ginn.

Dovun ass een an d'Pensioun gaangen. Dee gëtt iwwert déi schwéierfälleg Prozedur remplacéiert. Sechs Méint IFA an da brauchen d'Leit an deem doten Domän am Regelfall sechs Méint bis e Joer ier se les tenants et les aboutissants dovu kennen. Eng zweet Persoun vun deenen dräi, déi ech hat, war an deene leschte Méint ganz vill krank, esou datt sech dee Service während enger Rei vun Zäit elo op eng Aarbechtspersoun reduzéiert huet, wat zum Deel zu engem Stau an den Approbatioune gefouert huet, dee mer awer probéieren opzehuelen.

Zu Äre konkreten Donnéeë wëll ech soen, dass ech d'lescht Joer de Service am Intérieur hu misse reforméieren aus interne Grënn op déi ech elo net wëll agoen. Mir hunn entre-temps et awer fäerdeg bruecht, nodeem ech dat virun zwee Joer gefrot hunn, fir e Relevé informatique hierzestellen, dass ech also elo weess wat fir eng Dossieren am Haus sinn, wéi laang datt se am Haus sinn, esou dass mer elo eng Moyenne och kënne rechne vun der Durée déi d'Dossiere bei eis am Haus op deenen eenzelne Plaze brauche bis se traitéiert sinn.

Mir kréien an der Moyenne pro Mount ronn 40 Dossiere bäi. D'Kommissioun, déi à un certain moment nëmmen nach eemol d'Woch getagt huet, tagt elo nees zweemol. Mir kréien an enger Réunioun tëschent 10 an 20 Dossieren duerch. Mir ginn dovun aus dass mer de Retard, dee sech elo accumuléiert huet, an deenen nächsten dräi Méint opgehuewe kréien. Ech hat allerdéngs eng Instruktioun ginn - Dir hutt dat virdru virgelies - kengem Dossier Prioritéit ze ginn ausser de Gemengeprojeten, well ech der Meenung sinn dass d'Projets d'intérêt public eng gewësse Prioritéit och musse kréie wat d'Commission d'aménagement ubelaangt.

Dat alles bleift awer Makulatur, wa mer déi wesentlech Problemer net an de Gréff kréien, déi ech virdrun ugeschwat hunn. Ech si wierklech der Meenung dass mer tëschent de Gemengen, de Promoteuren, dem Ministère, der Commission d'aménagement an de Leit, déi dorunner interesséiert sinn, am Laf vun dësem Joer eng fundamental Diskussioun solle féieren iwwert d'Aart a Weis wéi d'Dossieren erakommen, wéi se ze behandele sinn an a wat fir engem Délai se ze traitéire sinn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Fro 287 vum Här Serge Urbany iwwert de Konvent ass un den Här Statsminister geriicht. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**- Question N°287 du 14 mars 2003 de Monsieur le Député Serge Urbany au sujet de la Convention européenne, adressée au Premier Ministre**

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Här President, ech wëll virausschécken dass ech selbstverständlech fir Reliounsfräiheet sinn, dass ech awer fir e laizistesche Stat sinn.

Wéineg europäesch Verfassungen hunn eng direkt Referenz u Gott an hirem Text stoen, an dofir huet et mech iwwerrascht wéi ech gelies hunn, dass de Vertrieder vun der Lëtzebuerger Regierung am europäesche Konvent, den Här Jacques Santer, fréiere Stats- a Premierminister, zesumme mat 16 anere Membere vun deem Konvent en Amendement eraginn huet fir d'europäesch Verfassung, wou dra steet, dass déi europäesch Wäerter géifen d'Wäerter vun deenen ëmgräifen, déi u Gott gleewen - dat gëtt als éischte Wäert genannt -, wéi och déi Wäerter vun deenen, déi net u Gott gleewen.

Och wann ech selbstverständlech d'Meenungsfräiheet an och déi perséinlech Susceptibilitéit vum Vertrieder vun der Lëtzebuerger Regierung respektéieren an där dote Fro, mengen ech, kënnt een awer net derlaanscht fir eng Rei vu Froen un d'Regierung ze stellen, an zwar:

Ob déi Haltung do ofgeschwat gi war mat dem Premierminister respektiv mat der Regierung, ob se den Accord vun der Regierung hat, a wann dat net de Fall sollt gewiescht sinn, ob se awer generell der Meenung vun der Regierung entsprécht?

A wat d'Regierung allgemeng mengt zu deene Froen: Ob ee misst an esou engem grondleeënden europäeschen Text eng Referenz u Gott oder un iergendeen anere reliéisen a spirituelle Glawen dra setzen, oder ob een éischter soll si fir een Europa wat fräi ass vu reliéisen oder aneren ausschléissenden Urteeler?

Des Weideren froen ech: Ob et opportun iwwerhaapt wier fir elo zu dësem Zäitpunkt déi Fro ze stellen, wou jo am Konvent doriwwer och eng Diskussioun stattfonnt huet, wou et och iwwregens ausgesäit wéi wann dat eng minoritär Positioun wier, mä wou awer zum Beispill zwee Nopeschlänner vu Lëtzebuerg, Frankräich an d'Belsch, sech kloer ausgeschwat hu fir dee laizistesche Charakter vun Europa ze behalen?

Schlussendlech wollt ech de Premierminister froen, ob hien net mengt dass déi Formuléierung, wéi se elo virgeschloen ass vum Presidium vum europäesche Konvent, nämlech de Bezuch op allgemeng Wäerter vum Respekt vun der mënschlecher Würd, vun der Fräiheet, vun der Demokratie, vun der Rechtsstaatlechkeet, oder vum Respekt vun de Mënscherechter, ob dat net vill besser dem Charakter entsprécht vun der Europäescher Unioun wéi déi awer trotzdeem iergendwéi befriemend wierkend Referenz u Gott, déi do virgeschloe ginn ass?

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Premierminister Jean-Claude Juncker.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, ech wëll soen dass déi Formuléierung déi den Här Santer, deen de perséinleche Vertrieder vum Statsminister am Konvent ass, am Konvent abruecht huet, d'Laizitéit an de laizistesche Charakter vun der Europäescher Unioun net a Fro stellt, mol net nuancéiert.

Mir sinn der Meenung dass d'Europäesch Unioun net nëmmen ee Maart ass, net nëmmen ee Bannemaart ass, net nëmmen een Agrarmaart ass, net nëmmen eng Währungsunioun ass, mä dass d'Europäesch Unioun, ier se dat alles ass, eng Gemeinschaft vu gelieften a gefillte Wäerter ass, an et ass an eisen Aen net séier wichteg dass een d'Fro vun der Provenienz vun deene Valeuren an der verfassungsgebender Versammlung vun der Europäescher Unioun kläert. Wichteg ass fir eis d'Konsistenz vun deene Valeuren, an dofir huet d'Regierung vill Sympathie fir déi Formel, déi vum Presidium vum Konvent abruecht ginn ass. Déi Fro, déi den Här Urbany gestallt huet, ronderëm d'Provenienz vun de Valeuren, fannen an där Architektur an an der Tonalitéit vun där Architektur mat liichte Complémenten an ouni dramatesch Veränneerung ouni Problem Agank.

**M. le Président**.- Elo komme mer zu dräi Froen un de Justizminister, gegebenenfalls un den Innenminister, déi zesumme beäntwert ginn, an zwar d'Fro 277 vum Här Alex Bodry, d'Fro 280 vum Här Laurent Mosar an d'Fro 281 vum Här Jacques-Yves Henckes iwwert d'Sécherheet am Schraasseger Prisong. Gläichzäiteg gëtt och domadder d'Fro 2095 beäntwert, déi den Här Alex Bodry ënnert der Form vun enger Question urgente agereecht hat. D'Wuert huet den Här Alex Bodry.

**- Question N°277 du 17 mars 2003 de Monsieur le Député Alex Bodry au sujet de la sécurité au Centre pénitentiaire de Schrassig, adressée au Ministre de la Justice**

**- Question urgente N°2095 de M. Alex Bodry relative à la sécurité au Centre pénitentiaire de Schrassig**

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, leschte Sonnden de Moien ass et zwee Schwéierverbriecher - esou kann ee se nennen - gelongen, an enger spektakulärer Aktioun, aus dem Prisong vu Schraasseg auszebriechen.

Et ass, mengen ech, selbstverständlech, an dorun huet och d'Pressekonferenz vum Sonnden näischt geännert, dass déi Evasioun ganz seriö Froe stellt wat d'Sécherheet innerhalb an ausserhalb vum Schraasseger Prisong ugeet, och ënnert dem Gesiichtspunkt vun deene Kriticken, déi vun der Associatioun vun de Giischterscher de leschte Freiden op hirer Generalversammlung geäussert gi sinn an déi nach eng Kéier gëschter an enger improviséierter Pressekonferenz virun dem Schraasseger Prisong am Wesentleche widderholl gi sinn.

Ech wëll dofir folgend Froen un de Justizminister stellen:

Opgrond vun deenen Aussoen, déi hie selwer gemaach huet an der Press, dass en der Meenung wär dass d'Zuel vun de Giischterscher net géif duergoen, kann de Minister haut sech Garant gi fir d'Sécherheet innerhalb vun deem Prisong? Si genuch gutt ausgebilte Leit do a fonctionnéieren d'Installatiounen esou wéi se misste fonctionnéiere fir d'Sécherheet 24 Stonnen op 24 Stonnen am Prisong ze gewährleeschten?

Zweet Fro an deemselwechten Zesummenhang: Sinn an deene leschte Méint déi néideg Moossname geholl ginn, opgrond vun deem wat feststoung, fir de Fonctionnement vun dem Service de garde korrekt kënnen duerchzeféieren a fir och derfir ze suergen, dass d'Installation technique vun der Iwwerwaachung a vun der Entrée an der Sortie richteg fonctionnéiert? Mir kennen all déi Incidenten, déi a leschter Zäit do notéiert gi sinn.

Drëtt Fro: Duerch wat fir eng Fassong ass d'Interventioun vun de Forces de l'ordre am Fall vun engem Incident am Prisong garantéiert? Och do kléngen engem d'Aussoe vun der Pressekonferenz nach am Ouer, wou e Responsabele vun der Police deklaréiert huet, dass Sonndes den Helikopter net esou schnell asazfäeg wär, wann iwwerhaapt, an dass Sonndes et anscheinend net ausserge-weinlech ass dass d'Forces de l'ordre bis 40 Minutte brauche bis se an esou engem Fall zu Schraasseg am Prisong ukomm sinn.

Eng lescht vu menge Froe bezitt sech op déi politesch Responsabilitéit, wou de Minister och op d'Fro vun de Journalisten drop geäntwert huet a logescherweis gesot huet, déi géif an deem heite Fall natierlech net spillen. Ech stellen trotzdeem d'Fro un hien, wa sech sollt erausstellen dass net all méiglech Moossname geholl gi wäre fir d'Sécherheet am Prisong ze garantéieren, ob net awer op iergendenger Plaz an der Regierung misst politesch Verantwortung leien?

Merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Laurent Mosar.

**- Question N°280 du 17 mars 2003 de Monsieur le Député Laurent Mosar au sujet de la sécurité au Centre pénitentiaire de Schrassig, adressée au Ministre de la Justice**

**M. Laurent Mosar** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kontext vun där Evasioun vum leschte Sonnde wëllt ech och eng Rei Froen un de Justizminister stellen.

Eng éischt Fro geet ëm deen Audit de sécurité, deen de Minister an Optrag ginn huet. Do géif et mech interesséieren, wéini datt dee fäerdeg gestallt gëtt an op och do déi zoustänneg Chamberkommissioun kann d'Konklusioune vun deem Audit matgedeelt kréien?

Eng zweet Fro geet ëm d'Effektiver. De Minister huet gesot, et wären an de leschte Joren 80 Leit zousätzlech am Prisong agestallt ginn. Ech géif gäre wëssen, wéi vill Giischterscher ënnert deenen 80 Leit sinn?

Eng drëtt Fro geet ëm d'Formatioun vun deene Leit. Wat ass an Zukunft nach geplangt fir deene Leit eng besser Formatioun ze ginn?

Eng véiert Fro ass déi vun enger sougenannter Spezialunitéit, wéi se am Ausland, notamment a Frankräich an an Däitschland, fonctionnéiert, déi zoustänneg wier fir d'Convoien an d'Ausseséchereheet vun de Prisongen. Dat schéngt e Modell ze sinn, deen, wéi gesot, an eisen Nopeschlänner gutt fonctionnéiert. Ech géif gär vum Justizminister wëssen, ob hien eventuell och envisagéiert esou e Modell fir Lëtzebuerg anzeféieren?

Eng fënneft Fro geet iwwert déi blindéiert Ween, déi sollen agefëiert ginn, besonnesch wat déi Gardë während der Nuecht ubetrëfft. Do ass et jo esou datt am Moment d'Gardienë quasi lieweg Zilscheiwe sinn. Do géif et mech interesséieren, ob envisagéiert ass esou blindéiert Ween anzeféieren?

Déi sechst Fro geet iwwert d'Eenzelhaft. Do ass och vun de Gardienë gefrot ginn, ob net soll een Héichsécherheetstrakt eventuell agefëiert ginn? Do wär ech och frou vum Minister seng Positioun ze kréien.

Siwent Fro iwwert d'Kameraen, déi net fonctionnéiert hunn. Och wann dat sécherlech net zum Ausbroch gefëiert huet, ass dat trotzdeem eng Situatioun déi menger Meenung no net normal ass.

Aacht Fro iwwert d'Tëlefonen am Prisong. Do schéngt et esou ze sinn datt d'Gespréicher net méi opgezeechent gi sinn.

Néngt Fro, dWäscherei. Wéi geet et domadder virun?

An zéngt Fro, d'Entrée vum Prisong, ganz besonnesch den Agangsberäich an de Sas d'entrée.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Jacques-Yves Henckes.

**- Question N°281 du 18 mars 2003 de Monsieur le Député Jacques-Yves Henckes concernant l'évasion de deux détenus du Centre pénitentiaire de Schrassig et les dysfonctionnements constatés, adressée au Ministre de la Justice**

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et stellt een elo fest, dass innerhalb vun engem Mount ee gesäit, datt d'Affekoten net aus dem Prisong erauskommen, mä datt een awer gesäit, datt d'Prisonnéier sech gutt gemittlech Zäit kënnen huelen, fënnef bis zéng Minutten, bis se iwwert d'Mauer sinn an datt déi Gardienen, déi do sinn, der Saach mussen nokucken ouni ze intervenéieren. Si wénke schéin an d'Police reagéiert 40 Minutten duerno ier datt den Helikopter ufänkt sech ze bequemen an d'Luucht ze kommen, fir no de Prisonnéier ze sichen.

Ech wëll drop hiweisen, Här Minister, datt ech am Abrëll 2001 op déi Possibilitéit hei higewisen hat an enger Question parlementaire, wou ech gesot hat, datt: „des criminels armés pourraient facilement franchir cette barrière…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

…pour essayer de libérer un détenu. Le directeur de la prison a reconnu qu'il y a un grand danger pour la sécurité des gardiens, de surcroît les caméras de surveillance à l'extérieur de la prison fonctionnent seulement la moitié du temps".

Den Här Justizminister huet mer den Ablack geäntwert, datt…

**Une voix**.- Wéini war dat dann?

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Dat war de 5. Abrëll 2001 an den Här Justizminister huet mer de 17. Abrëll 2001 geäntwert, e Groupe de travail „est chargé d'élaborer un concept définitif pour assurer le contrôle et la sécurisation de l'accès au CPL de Schrassig".

An dann hunn ech nach zwou ähnlech Froen an deem Kontext den 30. November 2001 gestallt, wou mer och gesot ginn ass, et wier alles an der Rei, et géing alles studéiert ginn.

Mir gesinn, Här Minister, datt zënterhier näischt geschitt ass. Dat muss een esou festhalen. Net nëmmen, datt an der Tëschenzäit och nach Schlëssele periodesch vun de Gardienë verluer ginn, mä hei an deem Prisong - dat hutt Der och zouginn, Här Minister, an Ärer Äntwert op eng Question parlementaire, déi ech lech gestallt hunn - ass e Laxismus an der Sécherheet ëm dee Prisong ze verzeechnen.

An dofir hutt Dir eng politesch Verantwortung, well Der iwwert Joren näischt an där Fro do gemaacht hutt. Ech wëll dohier just nëmme froen, Här Minister: Firwat ass tëschent dem 5. Abrëll 2001 bis elo viru kuerzem näischt geschitt, fir déi Sécherheetsmoossnamen ze verbesseren?

Zweetens: Wéi konnten d'Prisonnéier mat bausse communiquéieren? Ass bis elo eventuell festgestallt ginn, datt do iwwer Handy konnt telefonéiert ginn, wéi dat oft am Ausland ass? An deem Kontext wëllt ech froen, ob periodesch Kontrollen do si vun den Zellen, well ouni dat kann natierlech näischt kontrolléiert ginn, ob net awer matbaussen telefonéiert gëtt.

Da muss ee sech d'Fro stellen, firwat déi Wuechposten, déi Gardienen, déi am Mirador sinn, keng Waffen hu fir ze intervenéieren a just nëmmen de Prisonnéier kënnen nokucke wa se gemittlech iwwert d'Mauer klammen.

An et muss ee sech och d'Fro stellen, firwat et keen Héichsécherheetstrakt gëtt fir esou gefëierlech Verbriecher ze internéieren.

Wat den Helikopter ugeet, Här Minister, do wier ech frou wann Der ons kënnt soen, firwat et 40 Minutten dauert bis datt en Helikopter an d'Luucht geet. Ech erënnere mech wéi mer hei mam Här Innenminister viru kuerzem d'Debatt haten iwwert d'Police, do hunn ech e gefrot gehat, ob een Helikopter duergeet. Do ass mer geäntwert ginn, et wieren och nach déi belsch Helikopteren am Asaz wann Nout um Mann wier an déi wieren da ganz rapid do.

***(Interruptions)***

**M. le Président**.- Här Henckes, Dir hutt Är Zäit schonn duebel iwwerschratt.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Ech wollt just nëmme froen: Wéi wëllt d'Regierung dat do an de Gréff kréien, fir datt esou Situatiounen net méi virkommen?

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden,** *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Sonndeg um eelef Auer ass am Prisong zu Schraasseg e bedauerleche Virfall geschitt an deem zwee Gefaangener während dem Haffgang an engem ofgespaartenen Haff et fäerdeg bruecht hunn iwwer verschidden Enceintë fortzelafen. Dee Virgang ass selbstverständlech bedauerlech, well de Prisong ënner enge vu sengen Aufgaben huet, dofir ze suergen datt déi, déi eng Strof kritt hu vum Geriicht, während där Zäit wou se do sinn, do musse bleiwen, an datt domadder och zugläich d'Sécherheet vun deene Leit, déi ronderëm de Prisong wunnen, also all déi aner, déi am Land wunnen, geschützt ass.

Dee Virgang reegt zu Lëtzebuerg op, déi reegt méi zu Lëtzebuerg op, well et zu Lëtzebuerg exceptionnel ass. Contrairement zu den Nopeschlänner hu mir wéineg Ausbréch, an ech stellen och fest datt mer déi lescht siwe Joer keen Ausbroch am Prisong haten. Dat muss ech ëmsou méi soen, datt eis Nopeschlänner ganz heefeg Ausbréch hunn, net zulescht d'lescht Woch war eng ganz Kolonn am Figaro, wou een all grouss Ausbréch gesi konnt, déi d'lescht Joer an 2001 am Frankräich stattfonnt hunn, an et ass also deen exzeptionelle Phenomeen deen dozou féiert, datt mir och hei doriwwer schwätzen, wat awer am Parlament normal ass.

Ech mengen datt dee Fait, datt zu Lëtzebuerg wéineg Ausbréch waren, drop hinzeféieren ass, datt d'Sécherheet am Prisong zu Lëtzebuerg besser ass wéi a villen ähnlechen Etablissementer am Ausland. Et huet och domadder ze dinn, datt héchstwahrscheinlech d'Personal op eng professionell Aart a Weis schafft.

Ech stellen och fest, datt bei deem Virgang vun e Sonndeg eng äusserst professionell a schnell Reaktioun vum Personal konnt festgestallt ginn, besonnesch vun deenen zwee Gardienen, deen een deen den Alarm ginn huet an deen aneren deen direkt op där Plaz, wou den Ausbroch stattfonnt huet, war. Dat war esou schnell wéi ee sech et quasi net konnt virstellen. Nach ier iergendeng Kamera hätt kënnen en Alarm ginn, war dee Beamten ënner Asaz vu sengem Liewe schonn op där Plaz, konnt awer näischt méi maachen, well mat extrem brutale Methoden, nämlech dem Asetze vun enger Kalachnikoff op där anerer Säit, Gebrauch gemaach ginn ass.

Mir suergen eis permanent ëm d'Sécherheet an deem Prisong, net zënter e Sonndeg de Mëtteg eréischt, mä an där ganzer Zäit wou mer do waren. An dofir hu mer zwou Saache gemaach. Dat eent, mir hu permanent den Dispositif verbessert an anererséits si mer der Meenung, datt een ëmmer erëm muss en Dispositif iwwerkucken. Ech stelle fest, datt mer 1998 210 Leit am Prisong schaffen haten an datt mer der dëst Joer 299 do schaffen hunn, dovunner 208 Gardienen, an och dëst Joer sollen nach eng Kéier 12 Leit derbäi kommen.

Dozou zielen ech emol net déi Leit, déi mer elo am Kader vun engem Accord mam Centre hospitalier hunn, wou medizinescht Personal vu baussen erakënnt, fir d'medizinesch Betreiung, an och néng Enseignanten, déi erakomme fir d'Formatioun vun den Détenuen, wat also mécht datt um Enn vun dësem Joer, vun deem Personal wat permanent do ass plus dat wat heiansdo spezifesch Aufgaben huet, 340 Leit do schaffen.

De Ratio tëschent dem Personal an den Détenuen ass domadder zu Lëtzebuerg besser wéi an de Länner Frankräich oder Däitschland, en ass ähnlech wéi deen an Holland.

Déi Personalopstockung muss selbstverständlech weidergoen. Ëmsou méi wou mer mat enger neier Zort vun Détenuen, déi sécher an der Minoritéit sinn, ze dinn hunn, mä mat deene mer och e Sonndeg ze dinn haten, déi virun näischt zréckschrecken, net wa se d'Infraktioun maachen an och net wa se dobanne sëtzen. Dofir wäert dee pluriannuelle Recrutementsprogramm weidergoen. All Joer bei de Budgetsdebatten diskutéiert d'Regierung dat zesumme mat allen aneren Aufgaben, déi de Stat am Kontext vun der Sécherheet huet, an notamment am Beräich vun der Polizei.

Och de Budget reflektéiert, datt eppes an deene Jore gemaach ginn ass. 1998 hu mer fir d'Administration pénitentiaire 15 Milliounen Euro am Budget stoe gehat. Dëst Joer sti 26 Milliounen Euro am Budget. Dat ass eng Croissance vu 75%. Da kann een dach net einfach op d'Tribün kommen a soen, et si keng Leit do, et si keng Suen do. Dach, et ass all Joer Wesentleches gemaach ginn.

A grad esou, hunn ech gesot, muss een ëmmer erëm de Sécherheetsdispositif iwwerkucken, well eng technesch Installatioun, déi ee viru fënnef Joer kaaft huet oder virun zéng Joer, déi ass vläicht haut iwwerholl an déi ass och a fënnef Joer erëm iwwerholl, an dofir muss een Expäre froen déi engem dat soen.

Ech sinn ëmmer erstaunt wivill Expäre vun deene Froen hei am Parlament sinn.

Ech kann lech eng ganz Rei vun deene Froen als Techniker net beäntweren. Ech kann awer Rapportë vun Expäre liesen. Ech muss natierlech d'politesch Konklusioun aus deene Rapporten zéien, mä fir elo hei ze soe wat fir eng Kamera ee wouhinner setzt, wat fir eng Spezialiunitéit een hei oder do brauch oder asetzt, ech mengen dat soll een am Kader vun deem Rapport kucken, wat keen exceptionellen Audit ass, mä wat e Rapport ass iwwert d'Evaluatioun vu gewëssene Sécherheetsaspekter vu Schraasseg, dee gemaach gëtt vun engem schwäizer Büro an deem seng definitiv Versioun géint Ouschtere versprach ginn ass. Dat ass jo ganz geschwënn. Dee soll een da liesen. Ech weess net, ob et eng gutt Iddi ass deen op öffentlecher Plaz ze diskutéieren, well do steet jo da villes dra wat d'Sécherheet betrëfft. Ech hunn awer kee Problem, deen an enger confidentieller Sëtzung mat responsabelen Deputéierten aus dësem Parlament ze féieren, an enger confidentieller Sëtzung à huis clos.

Ech ginn dovunner aus, dass d'Deputéierten, déi sech mat esou Froen ofginn, egal welcher politescher Faarf se sinn, wëssen, dass een iwwert déi do Froen nëmmen op eng net öffentlech Aart a Weis ka schwätzen. Well alles wat een iwwer Sécherheet seet am Öffentlechen, ass natierlech direkt eng Indikatioun un déi déi wëllen anerer do eraus kréien an déi déi dobanne sinn, déi wëllen erauskommen. An dofir sinn ech och net d'accord…

***(Interruption)***

Ech hunn och keng Ausso op enger Pressekonferenz gemaach, Här Bodry.

***(Interruption)***

Also ech mengen net, well ech ëmmer erëm refuséieren iwwer Sécherheet ze schwätzen. Dofir schwätzen ech och net iwwert déi Froen, iwwert déi den Här Henckes geschwat huet, iwwert den Accès zum Prisong. Iwwregens sinn déi Leit jo net zur Dier eraus- an eragaangen, mä si sinn op anere Plaze eraus- an eragaangen. D'Fro ass also eng…

***(Interruptions diverses)***

**M. le Président**.- Loosst de Minister dach schwätzen a sech explizéieren. Dir stellt hei an engem Stéck Froen an da wëllt en äntwerten an da gëtt en dauernd ënnerbrach.

**M. Luc Frieden,** *Ministre de la Justice.*- Jo, mä ech hätt och gären d'Chance ze äntwerten.

***(Interruptions)***

Justement. Ech wollt soen, dass, zousätzlech zu där periodescher Iwwerpréifung, ech gären eng zousätzlech Expertise hätt. Déi kann am Kader vun där gemaach gi vun deenen nämlechten Expären déi de Prisong kucken, déi en och scho viru Joren eng Kéier gekuckt hunn, dofir d'Installatioune kennen. Mir hunn hei mat enger Evasioun ze dinn, déi mer an där doter Form virdrun ni haten. Do gesitt Der och wéi schwiereg dat ass, well all Kéiers gebraucht déi doten Zort Leit jo erëm aner Methoden. An dofir hätt ech gären eng genee Analys iwwert den Tatvirgang, wéi een an dësem Szenario am beschten hätt kënnen dogéint reagéieren. Ech soen awer direkt eppes warnend dobäi.

Et gi keng einfach a schnell Léisungen, déi een hei soll envisagéieren. Well mäi Souci ass dee vun der Sécherheet vum Prisong a vun der Sécherheet vum Personal ze assuréieren. An et muss ee ganz kloer wëssen, an dat beweisen och d'Analysen am Ausland, dass wann een den Niveau vu Sécher-

heet héicht, deemno wéi een dat mécht, féiert dat op där anerer Säit zu méi Gewalt. Dat ass ganz kloer d'Analys, déi déi franséisch Regierung gemaach huet.

Fresnes, wou d'lescht Woch oder d'virlescht Woch e gréisseren Ausbroch geschitt ass, war en héichséchere Prisong. Dunn ass d'Dier op eemol gesprengt ginn. Ech wëll hei net iwwer Detailer schwätzen. Dofir schwätzen ech iwwer Frankräich an dofir muss ee wëssen, wann een den Niveau vun der Sécherheet héicht, dass dann och d'Attacke riskéiere méi violent ze ginn. Domadder soen ech net dass mer de Sécherheetsniveau net erhéijen. Mä mir wëllen dat maachen op eng Fassong, dass och d'Sécherheet vum Personal esou gutt wéi méiglech assuréiert bleift. An doriwwer féiere mer Gespréicher. Mir huelen déi Schlussfolgerung zu deem Zäitpunkt, wéi mer gesot haten. En attendant hu mer eng Rei Moossnamen envisagéiert, déi mer elo nach eng Kéier diskutéieren, déi temporärer Natur sinn, fir et esou schwiereg wéi méiglech, esou wéi an der Vergaangenheet, ze maachen, fir kënnen aus dem Prisong eraus ze kommen.

Erlaabt mer eng lescht Observatioun. Wann de Rapport vun der Commission sur la prévention contre la torture eraus kënnt, da gëtt mer gesot, ech wier als Justizminister ze streng. Ech géif do d'Leit an Eenzelhaft setzen. Et géifen d'Mënscherechter net respektéiert ginn. Deen Dag wou een eraus leeft, kréien ech hei Laxismus virgeheit. Ech hätt just gären e bësse Kohärenz, och an dësem Dossier.

Mir fueren op eisem Wee wieder, an deen huet zum Zil dass de Prisong eng Plaz ass wou d'Leit dobanne bleiwen, wou d'Sécherheet vun de Bierger assuréiert gëtt, déi an der Gesellschaft liewen, wou zugläich sech ëm déi Détenuen, déi dobanne sinn, bekëmmert gëtt, fir dass se, wa se hir Strof ofgesat hunn an erauskommen, dann esou gutt wéi méiglech op dat Liewen duerno preparéiert ginn.

Dat ass e komplizéierte Wee, deen ass heiansdo a Kontradiktioun, mä mir versichen do e Mëttelwee ze fueren an et dierf een net op engem Incident, esou bedauerlech wéi en och ass, op eemol total seng Argumentatioun vun engem Dag zum anere setzen. D'Sécherheet ass fir dës Regierung e wichtege Prinzip, an dat hu mer an deene leschte Wochen a Joren op ville Plaze bewisen a mir wäerten op deem Wee vun der Sécherheet virufueren.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Fro 282 kënnt vum Här Jean Colombera un de Gesondheetsminister an de Statssekretär am Environnement iwwert d'Konzentratioun vu Schadstoffer zu Schëffleng.

Den Här Colombera huet d'Wuert.

**- Question N°282 du 18 mars 2003 de Monsieur le Député Jean Colombera concernant la concentration de polluants à Schifflange, adressée au Ministre de la Santé et au Secrétaire d'Etat à l'Environnement**

**M. Jean Colombera** *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei an dëser Fro geet et ëm d'Ëmweltbelaaschtung zu Schëffleng. D'Ëmweltverwaltung huet eng méi grouss Belaaschtung un Dioxin an u Bläi festgestallt. Wann ee vun Dioxin schwätzt, dann denkt een un déi Katastroph vu Seveso. Hei ass et zwar net esou akut. Hei si mer méi an engem chroneschen Zoustand, a wann ee vu chroneschem Zoustand schwätzt, da muss een awer och denke chronesch Krankheeten déi do entstoe wäerten, well dës Belaaschtung scho méi laang Zäit unhält. A wann ee vu chronesche Krankheete schwätzt, dann denkt een un degenerativ Nervekrankheeten, d'Immunschwächt, awer och nach aner degenerativ Krankheeten déi vill méi schlëmm sinn.

Dofir wëllt ech an deem Kontext hei verschidde Froe stellen. Éischtens un de Statssekretär. Begrenzt sech dës Miessung eleng op de Raum Schëffleng? Wéi ass de Verschmotzungsradius? Ass deen net méi grouss? Wéi ass et mat deenen aneren Uertschafte ronderëm, mat Keel, Näerzeng, Esch, Bieles, Suessem? Sinn do och Miessunge gemaach ginn?

Wéi ass et mat der Grenzregioun, mat Frankräich zum Beispill? Sinn do déi verschidden Autoritéiten och informéiert ginn? A véiertens, wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuele fir dës äusserst gesondheetsgefäerdend Ëmweltbelaaschtung energesch ze bekämpfen?

Dann hätt ech och nach e puer Froe fir de Gesondheetsministère. Et ass gesot ginn, d'Leit dierfte keng Zalot iessen. Ech mengen, wann dat eleng déi Mesure wier déi géif gräifen, da bräichte mer eis net vill Suergen ze maachen. Mä et ginn aner Risiken déi do kënnen entstoen.

Wellech Rotschléi gedenkt de Gesondheetsministère der Bevölkerung ze ginn? Wéi gëtt d'Bevölkerung iwwert déi verschidde gesondheetlech Konsequenzen informéiert? Gëtt do eng Broschür gemaach? An drëttens, wier et vläich net Zäit fir an dësem Fall hei en Observatoire opzemaachen, fir ze kucken ob an Zukunft an dëser Géigend méi Krankheeten entstoe wäerten, méi degenerativ Krankheeten, wéi d'Frequenz ass? Wéi ass hei d'Haltung an d'Strategie vum Gesondheetsministère?

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Statssekretär Eugène Berger.

**M. Eugène Berger,** *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Merci Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass esou datt scho säit 1973 regelméisseg Moossunge gemaach ginn am Beräich Schwéiermetaller, duerch dee sougenanntene Réseau Bergerhoff. Säit 1995 gëtt do op enger Rei vu sensibele Plazen, besonnesch am Süde vum Land, och e Réseau vu Biosurveillance gemaach, an dofir hu mer eben och déi regelméisseg Resultater vun deene Moossungen, wou dann och esou Resultater heiansdo ervirkommen, op déi elo virdrun hei Referenz gemaach ginn ass.

Et ass effektiv esou, datt an der Vergaangenheet vereenzelt a ganz lokal begrenzt iwwerhéichte Wäerter vu Bläi an Dioxin gemooss gi sinn, haaptsächlech zu Schëffleng an zu Esch. Bei Schëffleng ass dat am Beräich Cité Mayrisch an zu Esch an der Géigend vun der rue des Tramways. Et ass also esou, datt iwwerhéichte Wäerter och bei där leschter Moossungscampagne festgestallt gi sinn, haaptsächlech zu Schëffleng. Esch ass an engem manner grousse Mooss konzernéiert.

Ech wëll awer hei nach eng Kéier betounen, datt dat lokal Phenomeener sinn, soe mer Spezialisten aus der Administratioun vum Environnement. Datt dat deelweis Phenomeener sinn déi sech op eenzel Stroossen oder e puer Haiser limitéieren, déi relativ no bei der Emissiounsquell sinn. Wat ass hei d'Emissiounsquell? Dat ass d'Schmelz, déi ganz no dobäi ass.

D'Gemenge gi regelméisseg informéiert iwwert déi Moossungscampagnen an och méi spezifesch da wann e Problem sech erausstellt. Et ginn och méi spezifesch d'Awunner aus deene betraffene Quartieren oder Stroossen informéiert. Et ass och esou datt mer mat verschiddene Gemengen, zum Beispill Esch, all Joer eng Réunioun hunn, wou all d'Acteuren oder all déi Concernéiert um Dësch sëtze fir dann och iwwert déi Sujeten ze schwätzen, och wann d'Campagnë keng aussergewéinlech Resultater opweisen. Dat fir ze soen, datt also haaptsächlech déi concernéiert Quartieren, respektiv d'Gemengen informéiert ginn, datt net déi Nopeschgemengen informéiert ginn, respektiv och net elo Nopeschlänner do informéiert ginn, well déi Resultater sech op lokal Phenomeener kënnen zréckschléissen.

En fait, wéi gesot, d'Dioxinwäerter waren elo haaptsächlech erhéicht bei Esch a bei Schëffleng, wou d'Analysen erginn hunn datt de Seuil sanitaire d'intervention festgestallt ginn ass beim Geméis an datt also dat Geméis net méi ka consomméiert ginn, wat do am Gaart gezillt gëtt. D'Leit sinn dovunner informéiert ginn.

Bon, wat ass d'Ursaach vun deenen iwwerhéichte Wäerter, déi een do festgestallt huet? Dat ass haaptsächlech dës Kéier an och schonn déi Kéier virdrun drop zréckzefféieren, datt en Dysfonctionnement virläit vum Injektiounssystem vun Aktivkuel an Dépollutiounssystem vun Elektronen. Dat heescht, nom Elektrouewe ginn déi Gasen, déi entstinn, an enger spezieller Maschinn normalerweis dépolluéiert an do gëtt dann Aktivkuel eragesprëtzt, an hei schéngt do eppes net richteg fonktionéiert gehat ze hunn. Et muss een awer soen, datt deen Dépollutiounsapparat, deen do installéiert ass, och deen zu Esch, respektiv op anere Plazen, no deene leschte Standarden, déi et hei an Europa gëtt, fonctionnéieren an normalerweis am Normalbetrib dann och dee Grenzwäert vu 0,1 Nannogramm pro $m^3$ kann agehale ginn.

Et ass esou, datt d'ARES S.A., déi jo en Deel ass vun Arcelor, den technesche Problem erkannt huet a sech och engagéiert huet fir verschidde Stécker an deem Dépollutiounsapparat ze ersetzen, respektiv och datt mer iwwert d'Kommodoautorisatioun zum Beispill hinnen och wäerte soen, datt se nach méi oft mussen deen Apparat kontrolléieren, vläicht méi oft do och Moossunge virzehuelen, fir datt deen eben net méi en panne fält, respektiv datt esou Pannen entgéint gewierkt ka ginn.

Doriwwer eraus sollen och nach verstäerkt elo am Mäerz, Abrëll, wann also deen Dépollutiounsapparat erëm fonctionnéiert, méi regelméisseg nach a méi oft wéi dat bis elo de Fall ass, Moossunge gemaach ginn, fir ze kucken ob do nach e Problem besteet.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner huet d'Wuert.

**M. Carlo Wagner,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Den Här Statssekretär huet en fait elo scho bal déi zwou éischt Froen, déi den Här Colombera mer gestallt hat, mat beäntwert, dat heescht wat d'Informatioun an d'Rotschléi un d'Populatioun sinn. Ech muss soen, dass mer eng ganz enk Zesummenaarbecht zwëschent deenen zwee Ministèren hunn, an dass beispillsweis den Environnement ëmmer un d'Santé eruntrëtt pour avis, esou dass mir also nees e Rotschlo u si weiderginn.

Wéi d'Populatioun informéiert gëtt ass elo grad gesot ginn. Et limitéiert sech also an dësem Fall net op d'Zalot, Här Colombera, mä op d'Geméis am Allgemengen, mä doriwwer eraus wëll ech awer och soen, dass mir vun der Santé aus virun zwee Joer eng gréisser Etüd gemaach hu wat aner Saachen ubelaangt, wéi beispillsweis d'Kanéngchen, d'Eeër an och d'Mammemëllech. Dat war eng Etüd déi mer gemaach hunn iwwert dat ganzt Land, fir justement d'Regioune vum Land ënnereneen ze vergläichen, wat d'Dioxin ubelaangt.

Do war och Schëffleng entre autres, wat de Süden ubelaangt, dobäi. Et huet sech erausgestallt, dass déi Wäerter, wat déi doten dräi Produkter ubelaangt, en fait am Süden net méi héich ware wéi am Rescht vum Land, ausser am Fall vu Schëffleng. Dat war awer op prezis Circonstancen zréckzefféieren. Mir hunn dunn och deem Mann, deen zimlech rustikal produzéiert huet, gesot hie misst déi Produktioun vun de Kanéngercher astellen, besonnesch d'Commercialisatioun.

Wat déi lescht Fro vum medezineschen Observatoire ubelaangt, esou erlaabt mer trotzdeem drop hinzeweisen, dass dat éischtens eng terribel opwendeg Saach ass. Zweetens ass dat och eng Saach déi ee selbstverständlech nëmmen à long terme ka gesinn. Fir esou en Observatoire effikass ze maache missten emol scho sämtlech Dokteren aus dem Süde matmaachen. Et missten awer och Dokteren aus deenen aneren Deeler vum Land matmaache fir Vergläicher ze kréien an dann, wéi gesot, missten déi Etüden oder déi Gesondheetsschied, déi spezifesch am Süden awer och am Rescht vum Land festgestallt gi wären, iwwer 10, 20, 25 Joer matenee verglach ginn, vu dass mer jo wëssen dass déi heite Saache keen Effet à court terme hunn, mä éischter à long terme. Obwuel ech trotzdeem mengen, dass esou en Observatoire vläicht a sech, Här Colombera, ganz interessant wier, fäerten ech awer dass dat bei deene Moyenen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, relativ opwändeg wier.

Merci.

**M. le Président**.- D'Fro 286 kënnt vum Här Georges Wohlfart un d'Erzéiungsministesch iwwert de Lycée fir de Klierwer Kanton.

**- Question N°286 du 17 mars 2003 de Monsieur le Député Georges Wohlfart au sujet du lycée prévu pour le canton de Clervaux, adressée au Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports**

**M. Georges Wohlfart** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt der Madame Minister fir d'éischt merci soen, dass se et esou laang ausgehalen huet bei ons fir mer op déi Fro an deem Kontext hei ze äntwerten.

De 5. Februar ass de Membrë vun deenen zoustännege Chamberkommissiounen de Plan sectoriel „lycées" virgestallt ginn. Ech ginn net dorop an. Ech wéilt just drun erënneren, dass an enger éischter Phas, wat d'Éislek ugeet, am Kanton Réiden e Lycée mat Internat soll realiséiert ginn an an enger zweeter Phas dann och am Kanton Klierf e Lycée dobäikomme soll. An der Zwëschenzäit huet eng nei Iddi hire Wee an den Norde gemaach op Informatiounsversammlungen, an net méi spéit wéi leschte Samschdeg op dem CSJ-Nordkongress, an zwar d'Iddi vun deem sougenannte Grenzlandlycée. D'Iddi ass jo déi - wann ech dat e bësse gutt verfollegt hunn -, dass mer mat onse belschen an däitschen Noperen do zesumme kéinten e grenziwwerschreidend Lycéesugebot fir d'Groussregioun ubidden, wat dann och als Atout ugesi géif gi fir d'Nordspëtzt vum Land.

An deem Kontext, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wollt ech just vun der Madame Minister wëssen, ob sech am Ministère selwer scho Gedanken iwwer esou eng Alternativ zu deenen normale Lycéeën, déi mer bis elo am Land opgeriicht hunn, gemaach ginn ass oder ob de Ministère bereet ass esou Iwwerleeunge mat an d'Planunge fir dee Klierwer Lycée mat anzebauen. Des Weidere wollt ech gäre wëssen, ob eventuell schonn eng konkret Demande um Dësch läit wat d'Implantatioun ugeet an ob eventuell doduerjer och kéinte Répercussiounen op deen eventuelle Site entstoen. Ech géif der Madame Minister elo scho merci soen.

**M. le Président**.- D'Wuert huet d'Madame Erzéiungsminister Anne Brasseur.

**Mme Anne Brasseur,** *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Merci, Här President. Den Här Wohlfart huet mer merci gesot, dass ech esou laang bliwwe sinn. Selbstverständlech ass d'Regierung ëmmer à disposition vun der Chamber, souwäit dat an d'Organisatioun vun den Aarbechten erapasst.

Déi Fro, déi den Här Wohlfart gestallt huet, bezitt sech also net op de Plan sectoriel Lycées, well soss hätt hien d'Fro missen un den Innenminister riichten, dee fir den Aménagement du territoire zoustänneg ass. Et ass richteg, dass deem Plan sectoriel no an de Klierwer Kanton e Lycée komme soll, dat awer an enger zweeter Phas. An enger éischter Phas ass et virgesi Lycéeën ze bauen zu Réiden fir den Norden, zu Jonglënster fir den Osten an op de Frichen zu Esch/Belval fir de Süden. An der zweeter Phas kënnt dann nach e Lycée fir den Norden dobäi, e Lycée fir de Süden an e Lycée am Zentrum selwer.

Wat elo de Contenu vun deem Lycée ubelaangt, ob dat e Méisproochelycée gëtt oder e Grenzlandlycée, do wëll ech dem Här Wohlfart soen, dass ech den nächsten Donneschdeg eng zweet Entrevue hu mat mengem Homologue vu Saarbrécken. D'Saarland ass nämlech un ons erugetruede fir e „Lycée Schengen", wéi si dat nennen, op d'Been ze setzen, dee grenziwwerschreidend wier.

Allerdéngs hu mer festgestallt, dass et net geet mat engem Lycée unzefänken, mä dass een da mat der Primärschoul muss ufänken, well soss d'Schoulprogrammer net iwwerenee klappen, besonnesch wat d'Sproochen ubelaangt, déi déi Däitsch bei eis als e besonneschen Atout ugesinn. Duerfir sinn ech amgaang no enger Schoul ze sichen, no enger Primärschoul, wou een dës Säit der Grenz an déi Säit der Grenz - ech schwätzen an deem Fall vun der Musel - kann een Echange maachen tëschent Enseignanten, Schüler a Programmen, fir ze kucken ob dat do iwwerhaapt méiglech ass an ob eng Demande do ass.

Vu dass ech pragmatesch wëll virgoen, ass dat dee Wee deen ech ofgemaach hu mat mengem saarländeschen Homologue, dem Här Schreier. Dat soll den nächsten Donneschdeg an enger Visite, déi ech am Saarland maachen, konkretiséiert ginn. Wa mer op deem Gebitt da wësse wéi mer viruginn, well do eng konkret Demande ass, da kann een och kucken ob een dat op anere Plaze mécht.

Ech wëll awer och dem Här Wohlfart nach soen, dass am Kader vun der Kooperatioun an der Groussregioun e Groupe de travail existéiert iwwert d'Educatioun, an do huet dee belschen Deel, wat d'Wallonie ubelaangt, sech erausgezunn. Si hu gesot si wieren net Demandeur. Och dat wëll ech hei dann der Chamber als Informatioun ginn. Dat ass deen Informatiounsstand, deen ech am Moment hunn.

D'Fro vun engem grenziwwerschreidende Lycée ass net ausgeschléissen, och net zu engem spéideren Zäitpunkt eng Kéier am Norden, mä et muss ee fir d'éischt emol kucken a konkrete Schrëtt, ob et iwwerhaapt machbar ass. Et läit wéi gesot eng konkret Demande vir aus dem Saarland, an do kucke

mer mat de Gemengen dës Säit an déi Säit vun der Musel, wéi een am Primaire eppes kann opbauen. Wann dann do d'Erfahrunge konkret sinn, da géif ech e Projet ausschaffe loossen, fir ze décidéieren wéi mer da virukommen.

Merci.

**M. le Président**.- D'Fro 290 kënnt vum Här Mars Di Bartolomeo un den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner iwwert de Rehazenter.

**- Question N°290 du 18 mars 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo concernant les suites dans le projet de construction du Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation, adressée au Ministre de la Santé**

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am laanschtgoen huet d'Madame Delvaux mer gesot: „Dat ass och en Dauerbrenner." Jo, et ass en Dauerbrenner. Ech hätt léiwer et wier keen.

Ech brauch net nach eng Kéier op déi leideg Geschicht vum Rehazenter zréckzekommen, deen - an do si mer eis alleguerten eens - méi spéit kënnt a méi deier gëtt wéi wa mer e scho viru Jore gebaut hätten; wëlle mer et emol esou soen. Meng Suerg ass et am Moment net fir mat deem engen oder deem aneren ze streiden, mä dass de Rehazenter iwwerhaapt kënnt.

***(Interruption)***

Et huet keen un Ärem Käfeg gerabbelt.

***(Hilarité et brouhaha général)***

**Une voix**.- Uuh! Oh!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Den Här Minister hat opgrond vun enger Question parlementaire Enn 2001 ugekënnegt, dass d'Aarbechten um Terrain, dat heescht de Bau vum Rehazenter, géife bis Mëtt 2003 ufänken.

Well ech bis elo kee Projet gesinn hunn, well keen Etablissement public bis elo hei an der Chamber geschafe ginn ass, deen d'Relève soll huele vun der A.s.b.l. Rehazenter, well d'Finanzéierungsgesetz vun 1999 nach net geännert ginn ass, wat duerch zwou Ursaache muss geännert ginn, éischtens wéinst dem Changement vum Site an zweetens wéinst dem Changement vum Coût, well ech och an der Zwëschenzäit nach net méi klug gi sinn an der Santéskommissioun, wollt ech vum Minister wëssen, ob deen Délai, deen hien 2001 genannt huet, nach ze halen ass, dat heescht dass mer bis Mëtt 2003 mam Bau géifen ufänken.

Wéi ass elo de Stand vum Dossier? Huet de Stat an der Zwëschenzäit Terrainen um Kierchbierg konnte sécheren? Wéi ass et mat der Prozedur an der Commission permanente des hôpitaux? Wéi steet et mam Projet de loi iwwert den Etablissement public? Wéini gëtt d'Loi de financement geännert? Wéi ginn déi Dépensen, déi am Moment getätegt musse ginn, fir de Projet op d'Schinn ze kréien, vun der A.s.b.l. Rehazenter finanzéiert? An dat allerwichtegst: Wéini steet deen neie Rehazenter deene Betraffenen zur Verfügung?

Merci.

**M. le Président**.- Den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner huet d'Wuert.

**M. Carlo Wagner,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, selbstverständlech muss ech dem honorabelen Här Di Bartolomeo zoustëmme wann e vun Dauerbrenner schwätzt, well grad wéi hie sinn ech der Meenung, dass dee Reha scho misst zënter zéng Joer gebaut sinn.

***(Interruptions)***

Et geet also drëm fir ze kucken, fir elo méiglechst schnell weider ze kommen. Dofir äntwerten ech och konkret.

De Reklassement vum Terrain um Kierchbierg ass realiséiert. Bei der Prozedur fir de Kaf vum Terrain, do leien Accorde vir. Et geet nach ëm technesch Detailer beim Enregistrement. Dat dierft awer ganz schnell iwwert d'Bühn goen.

Wat den Avant-projet sommaire ubelaangt, esou wësst Der dass ech deen de 6. September duerch de Conseil de Gouvernement goe gelooss hunn. Virun e puer Deeg, dat heescht de 14. Mäerz, ass den Avant-projet détaillé presentéiert ginn an der CPH.

Wat den Dossier Kommodo-Inkommodo ubelaangt, esou ass dee virun enger décker Woch oder zéng Deeg un d'ITM an un den Environnement gaangen.

Finalement kann ech nach soen, dass d'Autorisation provisoire de bâtir och schonn ugefrot ginn ass.

Ech muss och soen, dass de 25. September de Projet de loi fir den Etablissement public vum Rehazenter un de Statsrot gaangen ass, esou dass ech ka soen dass mer an engem Délai leien, dee somme toute räsonnabel ass.

Soubal mer den Avis hu vun der CPH, kënne mer, hoffen ech, an deenen éischten dräi Méint d'Finanzéierungsgesetz op deene Projeten, déi elo nach ausstinn, virleeën. Dat betrëfft jo net nëmmen de Rehazenter, mä et betrëfft och nach de St. Louis zu Ettelbréck an de François-Elisabeth um Kierchbierg, esou dass mer kéinte mat den Terrassementsaarbechten no de Pläng vun der Reha a.s.b.l. spéitstens am November vun dësem Joer ufänken, an e puer Méint duerno, soubal de Wanter eriwwer ass, kéint een da mat dem reelle Bau vum Rehazenter ufänken.

Allgemeng gëtt op Basis vun deem Timing gerechent, dass de Rehazenter am zweete Semester 2006 fäerdeg wier.

**M. le Président**.- Da komme mer zur Fro 291 vun der Madame Renée Wagener un d'Fraeministesch iwwert den Observatoire fir Bedeelegung vun de Fraen un der Politik. D'Madame Renée Wagener huet d'Wuert.

**- Question N°291 du 18 mars 2003 de Madame la Députée Renée Wagener au sujet de l'observatoire de la participation politique des femmes, adressée au Ministre de la Promotion féminine**

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Ech wollt vun der Madame Fraeministesch eigentlech dräi Saache wëssen.

Mir hunn am Joer 2000 zwou Motiounen hei gestëmmt gehat, wou d'Regierung opgefuerdert ginn ass Saachen ze maachen, déi sech op déi nächst Wahle bezéien. Dat éischt betrëfft déi Banque de données, déi schonn 1999 ausgeschafft gi war vum deemolegen Observatoire fir d'Participatioun vun de Fraen, Banque de données déi net nëmmen d'Joer 1999 betraff huet mä och all déi Wahle virdrun, ob een déi Donnéeën net kéint op Internet setze fir se dem Public zougängeg ze maachen.

Déi zweet Fro war fir an deem Kontext deenen Organismen, déi déi Aarbecht géifen iwwerhuelen, och dat néidegt Geld dofir ze ginn.

Deen drëtten an eigentlech Haaptpunkt vu menger Fro ass, bei deem Observatoire deen deemools eng zäitlech begrenzte Roll gespillt huet, ob een do net sollt an d'Richtung goe fir en Organe permanent aus deem Observatoire ze maachen. Ech zitéieren: „instituer un organe permanent faisant une analyse continue de la participation des femmes dans la prise de décision politique".

Iwwregens ginn déi Punkten aus deene Motiounen och am véierte CEDAW-Rapport vun der Regierung zitéiert, sou dass ech unhuelen dass d'Regierung sech och weiderhin domat ausernaner gesat huet, an dofir meng Fro, ob déi Saachen amgaange sinn ëmgesat ze ginn an, besonnesch wat den Observatoire betrëfft, wou et jo och esou lues Zäit gëtt dass dee géif an Aktioun trieden, well mer an engem Joer ongeféier nees Wahlen hunn, ob do scho Preparatiounsaarbechten amgaang sinn, an ob och dee Charakter vun engem Organe permanent berücksichtegt gëtt.

Dat heescht dass een eben dann net just fir déi nächst Wahle géif eppes schafen, mä wierklech een Organ kreéieren, wat längerfristeg kéint eng Aarbecht maachen. A wann ech soe längerfristeg, dann heescht dat natierlech och, dass een do Poste schaaft an Aarbechtsplazen, déi net à durée déterminée sinn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet d'Madame Minister vun der Promotion féminine.

**Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Promotion féminine.*- Här President, ech wëll op déi Froe vun der Madame Wagener an op dat wat an de Motioune vun 2000 stong äntwerten, dass mer, wéi si richteg gesot huet, 1998 an 1999 déi Plate-forme, déi herno en Observatoire genannt gouf, gemaach hunn, wou op där enger Säit bénévole Fraen aus dem Conseil national matgeschafft hunn a wou op där anerer Säit mer en zäitlech begrenzte Poste geschaaft haten a wou d'Participation politique vun de Fraen aus de Wahlen vun 1999 ausgeschafft gouf.

An der Motioun vun 2000 ass virun allem gefrot ginn, dass een eventuell och sollt déi Donnéeën op den Internet setzen. Bis haut scheitere mer dorun dass mer dat net däerfe wéinst dem Dateschutz. Et ass vläicht net fir jiddereen ze verstoen, fir mech och net, firwat dass een et kann an eng Publikatioun dra setzen an et net kann op den Internet setzen, mä dat geet iwwer meng Kompetenzen eraus.

Ech wëll do soen, dass mer nach ëmmer op déi Etude d'élues waarden, déi mer dem fréiere CRP Gabriel Lippmann ginn hunn, wat haut de Centre universitaire ass, a wou gesot gouf dass mer déi Etüd géifen an engem Mount kréien. Vu dass mer well siwe Méint Verspéidung hunn, hoffen ech, dass et net nach siwe Méint dauert bis dat dann endlech ofgeliwwert gëtt. Et ass awer net esou wéi ee ka mateenee schaffen, wann een en Ofkommes mécht. Et kann een net siwen oder aacht Méint méi spéit mat esou Etüde kommen. Mä och do hat ech keen Afloss.

Mir wäerten an deenen nächste Woche mat dem Conseil national zesumme kommen, fir ze kucke wéi ee fir déi nächst Wahlen erëm esou eng Plate-forme op d'Bee setze kann. D'Fro, ob een dat definitiv ka maachen, ass eng wou ech net weess wat zwëschent de Wahlen déi Leit onbedéngt solle maachen, wat hir Beschäftegung da wier. Op där anerer Säit ass et selbstverständlech och eng Fro vun de Suen. Wann ee fest Poste schaaft, dann ass et jo kloer dass et ëm Gehälter geet déi musse geschafen a bezuelt ginn, sou dass ech denken dass een emol virun allem soll kucken, dass mer fir d'Joer 2004 déi ganz Organisatioun do hikréien an een dann och do erëm déi Konklusioune kann zéien.

Wat doriwwer eraus geschitt, denken ech, ass jo och eng Fro mat där sech déi nei Regierung muss befaassen, mä perséinlech mengen ech net dass et onbedéngt néideg ass, dass een do e permanent Organ huet, wat ech net onbedéngt agesinn, an dat war iwweregens och ni eng Fro, och net vum Conseil national des Femmes fir do virun ze fueren, fir deen Observatoire bestoen ze loossen. Och net vun der Chamber, well wann der d'Motioun richteg liest, Madame Wagener, steet och net dran dass dat soll e permanent Organ sinn, wat do géif bestoe bleiwen.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG).*- Do steet en "organe permanent".

**Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Promotion féminine.*- Ech fannen dat an där Motioun, déi ech hu vun 2000, net erëm, mä wéi gesot, dat ass eng Fro déi ee sech richteg muss iwwerleeën. Ech hunn nach vill aner Plazen, wou ech vill méi néideg Poste misst hu wéi an engem permanenten Observatoire iwwer Wahlen, Posten déi fir Fraen am Alldag wéinegstens grad esou wichteg sinn, zemools wann ee gesäit dass een déi Aarbecht awer ka gemaach kréien iwwer en anere Wee.

Dat ass eppes wat de Moment net zur Diskussioun steet, mä ech denken awer dass et richteg ass, dass ee gesäit dass mer och d'Etüd vun de Femmes dans la prise de décisions économiques 2002 publizéiert hunn. Eng ganz Partie vun Aarbechte gi gemaach, a wou et méi wichteg ass, dass d'Aarbecht gemaach gëtt, ob et unbedingt an deem doten oder an engem anere Kader ass.

Merci.

**M. le Président**.- Déi lescht Fro gëtt vum Här Robert Mehlen un de Gesondheetsminister gestallt a betrëfft genmanipuléierte Som. D'Wuert huet den Här Mehlen.

**- Question N°293 du 18 mars 2003 de Monsieur le Député Robert Mehlen concernant les demandes d'agrément de semences génétiquement modifiées, adressée au Ministre de la Santé**

**M. Robert Mehlen** *(ADR).*- Här President, Dr Dammen an Dir Hären, aus enger Matdeelung vun enger hei zu Lëtzebuerg net onbekannter Ëmweltorganisatioun geet ervir, dass de Moment beim Gesondheetsministère zwou Demandë géinge virleien fir eng europäesch Zouloossung vu genmanipuléiertem Satgut, an zwar konkret fir eng Maiszort an eng Rapszort.

Ech wollt an deem Zesummenhang den Här Gesondheetsminister froen, ob en dee Sachverhalt kënnt bestätegen?

Ech wollt e weider froen, wat e géing gedenke konkret an dësem Fall ze ënnerhuelen, wann dat esou wär?

Ech wollt e froen, wat generell d'Attitüd ass vun der Regierung vis-à-vis vun dëser Problematik, dat heescht, wann esou Demanden un d'Lëtzebuerger Regierung gestallt ginn?

An ech wollt e froen, ob e Kenntnis huet vun dem Avis deen d'Ëmweltkommissioun vun dëser Chamber geschriwwen an un déi zoustänneg Kommissioun geriicht huet, wou se sech generell derfir ausspréicht fir Lëtzebuerg, well et e klengen Territoire ass, eventuell ganz als Gentechfräizon ze deklaréieren, oder ze kucken dass een dat esou an der Praxis applizéiert kritt?

Ech wëll ganz kuerz, Här President, drop hiweisen dass, wann een esou Satgut hei zouléisst, d'Gefor vun der Verbreedung an der Natur iwwert déi normal Fortpflanzung, Bestäubung an esou weider besteet, dass d'Bauerebetriber ganz séier an d'Ofhängegkeet vun esou Konzerner, déi esou genmanipuléiert Satgut hierstellen, geroden a mir eis ganz generell d'Fro stellen, woufir dass dat iwwerhaapt soll gutt sinn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

**M. Carlo Wagner,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wat déi zwou Ufroen betrëfft, wou den Här Mehlen seet, et wier eng Demande d'autorisation de mise sur le marché: Et ass en fait net esou. Dat sinn Demanden déi an anere Länner gestallt gi sinn a wou awer de Moment all Land pour avis gefrot gëtt. Déi allgemeng Prozedur ass jo déi, Dir huelt elo beispillsweis e Produzent, wéi den Ovartis oder iergend een aneren, dee stellt an engem Land e Produkt fir d'Autorisatioun de mise sur le marché. Dat Land muss dee Moment eng Evaluatioun maachen an déi Evaluatioun gëtt an déi Kommissioun zu Bréissel weider ginn an dee Moment gëtt all Land ëm säin Avis gefrot. Esou ass et och hei an deem Fall bei deenen zwee Produkter déi virleien.

Ech muss awer soen, dass mir hei zu Lëtzebuerg absolut net équipéiert si wat d'Expertisen ubelaangt pour avis technique vun esou Saachen, mä an dësem Fall, Här Mehlen, ass et och net schlëmm, well souwisou schonn e Land Oppositioun géint déi doten Demande gemaach huet, dass Lëtzebuerg zwou Méiglechkeeten huet. Dat eent dat ass déi, sech un déi Objectioun vun deem anere Land unzehänken an am zweete Fall och herno an där Kommissioun negativ ofzestëmmen.

Déi zweet Saach, déi den honorabelen Här Mehlen gefrot huet, fir deen Avis vun der Kommissioun vum Environnement am Zesummenhank mat der Revisioun vun dem 97er Gesetz, dat heescht fir Lëtzebuerg zu enger genfräier Zon ze deklaréieren, esou wéi net Éisträich selwer, mä e Land an Éisträich dat versicht huet. Ech muss awer soen, dass an Éisträich selwer en Avis juridique virläit vun engem ganz unerkanntenen Universitéitsprofesser, dee seet dass esou eng Interdiction générale op alle Fall géif d'Direktiv directement violéieren. Mir huelen un, dass d'Éisträicher sech baséieren op den Artikel 23. Den Artikel 23 ass dee vun der Clause de sauvegarde. Deen Artikel ass awer nëmmen unzewende bei enger OGM, déi en Fait scho besteet, mä wou e Land mengt, et hätt entre-temps nei Erkenntnisser kritt an et kënnt beweisen, dass gesondheetsschiedlech Substanzen doranner wieren. Dee Moment kann eng Suspension temporaire kommen, bis dass effectivement déi Objectioun vun deem Land ënnersicht ginn ass. Ech mengen op alle Fall, dass et géif géint d'Direktiv goe wa mer géifen hei zu Lëtzebuerg eppes Ähnleches probéieren an dass mer eis dee Moment selbstverständlech enger Condamnatioun vun der Cour de Justice vun de Communautéite géifen exposéieren. Et ass also net dee Wee, deen ech géif recommandéieren.

Ech wëll ofschléissend nach soen, Här President, dass mir hei zu Lëtzebuerg, esouwuel wat de Ministère de l'Environnement ubelaangt wéi och wat de Ministère de la Santé ubelaangt, an allem wat mat OGMen ze dinn huet, eng ganz restriktiv Positioun hunn.

Merci.

**M. le Président**.- Domadder ass d'Froestonn un d'Regierung ofgeschloss. Den Här Jean-Paul Rippinger hätt nach gären d'Wuert.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Här President, ech maache mech zum Sprecher vu menger Fraktioun, dass mer mussen an der Zukunft oppasse wa mer eng Heure de questions maachen, dass et och eng Heure de questions bleift an dass et net annerhallef Stonn dauert. Ech soen lech och firwat. Firwat hu mer an der Reglementskommissioun déi Heure de questions agefouert? Fir dass mer sollen an enger Stonn kuerz Froen

hunn a ganz prezis kuerz Äntwerten, fir dass mer en interessanten Débat sollen hunn, och wann dobaussen op der Tëlevisioun dat nogekuckt gëtt. Or, wann et awer wäit doriwwer erausgeet an et komme Froen, déi keen aktuelle Charakter hunn, sondern méi e generelle Charakter, da mengen ech missten déi Froe gestallt ginn esou wéi déi normal Questions parlementaires gestallt ginn.

Dofir si mir Demandeur, dass mer d'nächst Woch an der Reglementskommissioun iwwert de Problem vun der Heure de questions eis nach eng Kéier géifen doriwwer Gedanke maachen, fir dass deen Débat net verflaacht, sondern dass wierklech an enger Stonn, an enger kuerzer Zäit, kuerz Froe gestallt ginn, a prezis Äntwerte vun der Regierung, fir dass deen Débat och soll interessant bleiwen. Dofir mengen ech, et soll een dat nächst Woch nach eng Kéier duerchkucken an eis da Richtlinne ginn, wéi mer déi Heure de questions géingen dann hei behandelen.
Ech soen Iech merci, Här President.

**M. le Président**.- Ech si ganz gäre mat Ärer Propositioun d'accord. Mir hu jo elo Erfahrunge gesammelt an ech stelle fest, wa jidderee sech genau un d'Riedezäit gehalen hätt, dann hätt et just eng Stonn gedauert wéi et virgesi war. Mä et si Kolleegen, déi maachen et ganz kuerz a knapp, an och d'Äntwert ass kuerz a knapp, an et sinn anerer, déi kënne sech net kuerz faassen.

***(Interruptions diverses)***

Also, et soll fir déi zielen, fir déi et och ass. Ech wëll hei kee Bestëmmte viséieren, mä et soll jidderee sech méi Disziplin operleeën an et soll ee sech besser virbereeden. Et ass och keng Onéier, wann een zum Beispill seng Fro vum Blat ofliest, da seet ee kee Schickimicki virdrun a Saachen hannendrun déi net dozou gehéieren, da freet ee prezis: Wéi ass dat an dat? Mä et si Leit, déi fänken un, a wann Der déi frot wivill Auer dass et ass, da soen déi et ass schéi Wieder dobaussen a si fänken u mat enger laanger Einleitung an engem laange Schluss, a bei der Quintessenz kann ee sech ganz kuerz faassen.

Also alles muss geübt ginn, an dofir sinn ech mat der Propositioun vum Här Rippinger d'accord. D'nächst Woch schwätze mer an der Kommissioun doriwwer an ech kënnt mer virstellen, dass mer schonn eng Method fanne fir et fäerdeg ze bréngen, dass et esou geet wéi am englesche Parlament. Do hunn ech mat Freed eng Kéier nogekuckt. Do ass de Minister opgestanen op senger Plaz an en huet Yes oder No gesot. Am laufenden Band.

***(Interruptions)***

D'Fro war esou gestallt, dass ee mat Jo oder Nee konnt äntwerten. An esou kann een och hei d'Froe stellen.

**Une voix**.- Yes.

**M. le Président**.- Awer, wéi gesot, jiddereen huet seng Method a mir hunn eis och. Ech mengen, wa jiddereen e bësse gudde Wëllen huet an Disziplin, da wäerte mer och eng Formel fannen.

Also, elo keng Zäit méi verluer. Mir fänken elo d'Diskussioun un zum Projet de loi 5030 iwwert d'Autosassurancen. Et si bis elo agedroen: déi Häre Clement, Bodry, Graas a Jaerling.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Haupert.

## 7. 5030 - Projet de loi relative à l'assurance obligatoire de la responsabilité civile en matière de véhicules automoteurs

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

**M Norbert Haupert** *(CSV), rapporteur.*- Merci Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Leit, déi schonn eng Kéier en Autosaccident am Ausland haten, wëssen e Lidd ze sangen iwwer all déi Schwieregkeeten déi se begéint si fir hire Schued zréckbezuelt ze kréien, wa se iwwerhaapt d'Chance haten dass se déi Assurancëgesellschaft iergendwéi kontaktéiere konnten. Oft verlafen déi Affären am Sand, well d'Leit ës midd ginn ëmmer erëm nozehaken, a besonnesch wann et sech ëm keng grouss Beträg handelt, dann hu se éischter d'Tendenz fir d'Onkäschte vun engem Geriichtsprozess ze spueren an domadder de Prozess am Sand verlafen ze loossen.

Fir deem opzehéieren an d'Gesetzbestëmmungen iwwert d'Assurance Responsabilité civile am Beräich vun den Accidenter am Stroosseverkéier, kuerz Autoshaftpflicht genannt, vun deenen eenzelne Länner aus der Europäescher Union méi no beieneen ze bréngen, huet d'Kommissioun op Dränge vum Parlament hin eng Direktiv erlooss, déi als Haaptzil huet d'Regelung vum Schued bei engem Accident vun engem motoriséierte Gefier op der Strooss méi schnell a méi einfach ze gestalten, an deem Fall wou d'Affer vum Accident aus engem anere Land kënnt wéi dat wou den Onfall stattfonnt huet.

Fir d'Zil ze erreechen, gesäit d'Direktiv eng Rei vu Virschrëfte vir, déi d'Assurancëgesellschaften engersäits, awer och déi national Autoritéiten anerersäits an der Zukunft ze bëuechten hunn. Esou schreift d'Direktiv zum Beispill de Versécherungsgesellschaften, déi am Beräich vun den Autohaftflicht täteg sinn, vir, éischtens emol an all Memberstat vun der Europäescher Union e Vertrieder ze bestëmmen, dee sech ëm d'Regelung vun de Schied bekëmmere soll, deen d'Bierger aus engem anere Land duerch en Accident, dat am Ausland geschitt ass, an deen de Client vu senger Assurancëgesellschaft verursaacht huet.

Zweetens schreift d'Direktiv den Assureure vir, bannent engem Délai vun dräi Méint, vum Datum ugerechent wou d'Affer d'Presentatioun vu senge Fuerderunge gemaach huet, schréftlech Positioun zu de Fuerderunge vum Affer vun esou engem Accident ze bezéien, a wann dat net de Fall ass, misst d'Gesellschaft mat zivilen an administrative Strofe belaangt kënne ginn. Doduerch soll d'Affer vun engem Accident, dat am Ausland geschitt ass, ëmmer nach d'Méiglechkeet kréien doheem a sengem Land, a senger offizieller Sprooch, no de Prozeduren déi him geleefeg sinn, a bei engem Gespréichspartner, deen a sengem Land wunnt, seng Fuerderungen anzebréngen.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

De Memberstate schreift d'Direktiv vir:

- an hire Gesetzer iwwert d'Autoshaftpflicht eng Dispositioun anzeschreiwen, déi den Affer vun engem Verkéiersaccident d'Méiglechkeet bitt, den Assureur vun deem Gefier, dat den Accident verursaacht huet, direkt unzesichen;

- en Organisme ze schafen un deen d'Affer vun engem Accident seng Fuerderunge riichte kann, wann d'Assurancëgesellschaft kee Vertrieder am Land vum Affer bezeechent huet, oder de Vertrieder bannent dräi Méint keng Stellung zu de Fuerderunge vum Affer bezunn huet, oder de Schëllege vum Accident net konnt identifizéiert ginn;

- d'Direktiv schreift de Memberstate vir en Informatiounsorganisme op d'Been ze setzen, deen dem Affer vun engem Accident et erlaabt esou schnell wéi méiglech ze erfuere wien den Assureur vun dem Gefier ass, dat den Accident verursaacht huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg ass dat europäescht Land dat eng vun deene komplettste gesetzleche Regelungen huet wat d'Autoshaftflicht ubelaangt, déi d'Rechter vum Affer vun engem Verkéiersaccident am beschten ofséchert.

Am Gesetz vum 7. Abrëll 1976 iwwert d'Haftflicht, am Beräich vun de Verkéiersaccidenter, esouwuel wéi am Gesetz vum 27. Juli 1997 iwwert d'Versécherungskontrakter sinn eng Partie vun de Virschrëfte vun der europäescher Direktiv enthalen a brauchen also net méi ëmgesat ze ginn.

Anerersäits ass schonn 1963 iwwert d'Gesetz vum 16. Dezember e gemeinsame Fong iwwer eng Autosgarantie geschafe ginn, fir d'Affer vun engem Accident, dat duerch een net verséchert Gefier oder en net identifizéierbaart Gefier verursaacht gouf, ze entschiedegen. Dee Fong ka mat e puer gesetzlechen Adaptatioune ganz gutt d'Roll vun dem Entschiedegungs- an Informatiounsorganisme iwwerhuelen, deen d'Direktiv virschreift.

Anstatt an deene verschiddene bestehende Gesetzer Ëmännerunge virzehuelen, fir der Ëmsetzung vun der Direktiv gerecht ze ginn a fir déi gesetzlech Regelung vun der Autoshaftflicht méi kohärent a méi transparent ze gestalten, hunn d'Auteure vum Projet vun der Ëmsetzung vun der Direktiv profitéiert fir all Virschrëften, déi d'Haftflicht am Beräich vun de Stroossenaccidenter ubelaangen, an engem eenheetlechen Text zesummen ze faassen.

Doriwwer eraus hunn d'Auteure vum Projet, fir awer keng Benodeelegung fir déi bei eis am Land usiesseg Affer vun engem Accident, dat op Lëtzebuerger Territoire geschitt ass, ze schafen, d'Bestëmmunge vun der Direktiv op sämtlech Verkéiersaccidenter ausgedehnt, déi engem Lëtzebuerger Résident kënne geschéien, also och op déi Accidenter, deenen hie bei eis am Land zum Affer fält. Hei geet de Projet also méi wäit wéi d'Direktiv, an dat am Intérêt vun den Affer.

Schlussendlech hunn d'Auteure vum Projet vun der Geleeënheet profitéiert fir d'Couverture vun der Autoshaftflicht an deene Fäll ze limitéieren, wou e Schued duerch e Gefier entstanen ass, dat zu terroristeschen Akte gebraucht gouf. Dës Limitatioun gouf noutwendeg, well déi international Réassurancegesellschaften no dem 11. September 2001 deenen einfache Versécherungsgesellschaften eng illimitéiert Garantie am Fall vun engem Schued, deen duerch en Terroranschlag entstanen ass, verweigert hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll am Kader vu mengem mëndleche Rapport net am Detail op all d'Dispositioune vum Gesetz agoen, déi fannt Der méi ausféierlech am Commentaire des articles vum Gesetzesprojet. Ech wéilt awer déi grouss Prinzipie vun der Autoshaftflicht hei ervirsträichen, an dat sinn:

1. Datt d'Autoshaftpflicht obligatoresch ass fir all Gefier op der Strooss, dat zu Lëtzebuerg stationéiert ass.

2. De Propriétaire vun dem Gefier muss sech vergewësseren, datt eng Assurance responsabilité civile ofgeschloss ass, och wann hien de Gebrauch vum Gefier engem aneren iwwerléisst.

3. D'Haftflicht spillt all Kéier wann d'Responsabilitéit vum Propriétaire, vum Chauffeur oder vun enger Persoun, déi am Gefier transportéiert gouf, um Accident engagéiert ass.

4. D'Assurance muss fir de Material- an de Kierperschued opkommen, deen dat verséchert Gefier enger Drëttpersoun zougefügt huet, an dat gëllt och fir d'Autosinsassen.

5. Se deckt och déi Schied of, déi dat verséchert Gefier am Ausland verschëllt huet.

6. D'Garantie ass mat Ausnam vun zwee Fäll illimitéiert. Et besteet eng Limitatioun vun 1.250.000 Euro bei Accidenter déi duerch Feier, Explosioun oder Flammewerfer entstinn, a vun 12,5 Milliounen Euro bei Accidenter déi duerch en Terroranschlag oder eng Bedeelegung un enger Autoscourse geschéien.

7. D'Affer vun engem Accident muss bannent dräi Méint, nodeems d'Entschiedegung vum Schued beantraagt gouf, entweder indemniséiert ginn, wann d'Responsabilitéit erwisen an d'Héicht vum Schued festgeluecht ass, oder eng schréftlech Erklärung kréie firwat d'Assurancëgesellschaft seng Fuerderungen net kann unhuelen. Wann dat net geschitt, kann d'Affer vum Accident sech un de Fonds de garantie automobile wenden, deen da bannent zwee Méint, nodeems hie vum Affer kontaktéiert gouf, reagéiere muss.

8. Nom Délai vun dräi Méint lafe rechtméisseg Zënsen, déi nom offiziellen Taux vum Land vum Affer op de Betrag vun der Entschiedegung berechent ginn.

9. De Fonds de garantie muss all Kéiers intervenéiere wann d'Gefier, dat den Onfall verursaacht huet, net identifizéiert oder net verséchert ass, oder wann den Assureur vum Gefier bannent zwee Méint net kann identifizéiert ginn, oder och nach wann den Assureur insolvabel ass, oder d'Assurancëgesellschaft, oder hire Représentant bannent dräi Méint vun dem Antrag vun der Entschiedegung duerch d'Affer nach näischt vu sech héiere gelooss huet.

10. D'Gesetz gesäit d'Organisatioun vun dem Fonctionnement vun engem Büro vir, an deem all déi hei zu Lëtzebuerg autoriséiert Assurancëgesellschaften affiliéiert sinn. D'Missioun vum Büro besteet dora fir d'Schied vun den Accidenter ze regelen déi op Lëtzebuerger Territoire geschéien a vun engem Gefier verursaacht goufen, dat net bei eis am Land, awer an engem Land dat am System vun der grénger Kaart, dat heescht der Responsabilité civile illimitée affiliéiert ass. Dee Büro huet schonns bestan a war am Gesetz vun 1976 geregelt.

11. De Projet gesäit e Pool des risques aggravés vir, deem all Assurancëgesellschaften obligatoresch mussen ugehéieren. Dëse Pool iwerhëlt d'Risike vun deene Gefierer, déi fir en eenzelnen Assureur ze schwéier ze droe wieren. Et handelt sech hei besonnesch ëm d'Gefierer déi engem Chauffeur gehéieren, deen heefeg Accidenter verschëllt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gesäit een un dëse grousse Prinzipie vun der Autoshaftplichtversécherung, datt d'Affer vun de Verkéiersaccidenter bei eis am Land gutt ofgeséchert sinn an datt se duerch d'Ëmsetze vun der Direktiv nach zousätzlech Garantië kréien, wat de schnellen Oflaf vun der Regelung vun der Entschädegung vun hirem Schued ubelaangt.

Et soll ee sech awer net zu der Illusioun hiräisse loossen, datt an alle Fäll de Schued vun engem Accident op der Strooss an Zukunft bannent dräi Méint no dem Schuedenersatzantrag bezuelt ass. Dat gëllt nëmmen an deene Fäll wou d'Responsabilitéit an d'Héicht vum Schued festgeluecht an unerkannt sinn. An deene Fäll wou d'Affer säi Recht iwwert d'Geriichter akloe muss, kann d'Regelung vum Schued eréischt geschéie wann d'Geriichter hiert Uerteel gesprach hunn.

Här President, well d'Ëmsetze vun der Direktiv d'Situatioun vum Affer vun engem Verkéiersaccident nach verbessert an den eenheetlechen Text iwwert d'Autoshaftflicht méi Transparenz an der Problematik vun dëser Versécherung schaaft, proposéiert d'Kommissioun der Chamber den Text, deen hei virläit, ze stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur. Als éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Lucien Clement** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'éischt mengem Fraktiounskolleeg, dem Här Norbert Haupert, merci fir säin ausféierleche schréftleche wéi och mëndleche Rapport. Hien huet déi wesentlech Punkte vun dësem Gesetz erkläert, an dat op eng ganz kloer Aart a Weis, esou wéi mer dat, géif ech soen, vun him och gewinnt sinn.

Här President, Accidenter am Stroosseverkéier gehéiere leider, muss ech soen, zu den alldeeglechen Noriichten. Kaum vergeet een Dag wou mer net am Radio vun iergendengem schwéiere Stroossenaccident héieren, ouni vun deenen ze schwätze vun deene mer net a Kenntnis gesat ginn, déi awer deen Eenzelnen, deen et trëfft, viru méi oder manner grouss Problemer stellt. Obwuel de finanzielle Schued, dee bei esou Accidenter ufält, zu engem groussen Deel iwwert d'Assurancen ofgedeckt gëtt, ass awer bis haut d'Indemnisatioun vun den Affer onglécklecherweis nach ëmmer zimlech komplex.

De Projet de loi 5030, deen eis haut zum Vote virläit, transposéiert d'Direktiv 2000/26/CE an eis national Gesetzgebung. Dës Direktiv huet als Objektiv fir d'Entscheedungsprozeduren am Kader vun engem Accident am Stroosseverkéier ze vereinfachen a virun allem och méi séier ze maachen.

Den Text vun der Direktiv viséiert nëmmen d'Hypothees wou d'Affer net am Land wunnt, wou d'Ongléck geschitt. Fir eng Discrimination à rebours vun de Lëtzebuerger Résidenten, déi hei zu Lëtzebuerg Affer vun engem Accident ginn, ze verhënneren, gëtt de ganzen Dispositif vun dëser Direktiv op all d'Accidenter applizéiert, déi hei zu Lëtzebuerg passéieren. D'Philosophie vum Projet de loi ass, datt d'Affer ëmmer en Interlocuteur fënnt, dee responsabel a virun allem och solvabel ass. Ech wëll de ganzen Dispositif un e puer konkrete Beispiller duerleeën.

Ech huelen de Fall vun engem Foussgänger, deen op engem Passage protégé vun engem Auto ugestouss ginn ass. An deenen allermeeschte Gesetzgebungen huet jo de Foussgänger op engem Passage protégé absolut Prioritéit. De Foussgänger ass also an dësem Fall net direkt responsabel fir den Accident. Duerfir huet hien dann och e Recht drop, indemniséiert ze ginn.

Wie kann elo dee Foussgänger en responsabilité civile usichen? Éischt Méiglechkeet: De Foussgänger kann natierlech de Chauffeur usichen. Dat ass ganz kloer, mä et stellt sech e Problem, wann de Chauffeur net déi finanziell Mëttelen huet fir de Schued selwer ze bezuelen. Duerfir gëtt et zu Lëtzebuerg scho méi laang, zënter 1996, dat wat ee juristesch als Action directe bezeechent, dat heescht de Foussgänger kann och d'Assurancëgesellschaft direkt usichen. Den Assureur ass da gehalen, fir deen entstanene Schued opzekommen. An der Praxis funktionéiert dëse System ganz gutt.

Lëtzebuerg huet, wéi gesot, dëse Mechanismus, deen an der Direktiv virgesinn ass, scho méi laang. Aner Länner wäerten en elo eréischt aféieren.

Wat ass elo, wann de Chauffeur net verséchert ass? De schëllege Chauffeur, deen net assuréiert ass, mécht sech doduerjer éischtens emol strofbar. Hie riskéiert duerfir och Prisongsstrofen. Theoretesch huet de Foussgänger awer d'Méiglechkeet fir de Chauffeur unzesichen. An der Praxis wäert dat awer, wéi mer wëssen, näischt bréngen. D'Wahrscheinlechkeet ass grouss datt een, deen d'Assurance fir säin Auto net bezilt, och herno net solvabel ass fir d'Affer ze indemniséieren.

An dësem Fall besteet nëmmen eng reell Méiglechkeet fir indemniséiert ze ginn, an dat iwwert de Wee vum Fonds commun de garantie automobile. Dësem Fong mussen all hei zu Lëtzebuerg etabléiert Assurancen, déi am Beräich vun den Autoversécherungen täteg sinn, obligatoresch bäitrieden. De Fong ass en Organissem, deen duerch d'Gesetz geschafe ginn ass a vun engem Commissaire de gouvernement iwwerwaacht gëtt.

De Fonds commun de garantie automobile indemniséiert an dräi verschiddene Fäll. Dat ass éischtens wann den Auto net verséchert ass. Zweetens wann den Assureur, deen d'Assurance ausgestallt huet, en faillite ass. Drëttens wann den Auto net identifizéiert konnt ginn. Am Fall vun engem Délit de fuite muss awer bewise ginn, datt de Schued, deen de Foussgänger erlidden huet, vun engem Auto provozéiert ginn ass.

Wat ass wann de Foussgänger en Accident mat engem Auto huet, deen am Ausland immatriculéiert ass? Dës Méiglechkeet gëtt et an der Praxis relativ oft, well mer jo ganz vill Touristen a Passanten hei zu Lëtzebuerg hunn, déi net onbedéngt déi Lëtzebuerger Nationalitéit hunn. Do war et bis elo an der Regel esou, datt d'Afferen a sech schlecht informéiert waren an e Prozess am Ausland gefäert hunn. Si hunn ëmmer gemengt, datt se net vill Chancen hätte fir am Ausland e Prozess ze gewannen. Elo brauch een awer keng Prozedur méi am Ausland ze lancéieren.

De Bureau luxembourgeois contre les accidents d'automobile ass an dëse Fäll zoustänneg fir d'Indemnisatioun. Dëse Büro regroupéiert all d'Assurancëgesellschaften, déi zu Lëtzebuerg Autosversécherungen hunn. E gehéiert zu engem internationale Réseau, dee Conseil des Bureaux genannt gëtt an deem Assurancëgesellschaften aus 42 Länner ugehéieren.

An eisem Beispill actionnéiert de Foussgänger de Lëtzebuerger Büro. Déi Lëtzebuerger Geriichter sinn zoustänneg fir säi Prozess an déi Lëtzebuerger Législatioun gëtt an dësem Fall applizéiert. Ass e Schued ze bezuelen, da léisst de Lëtzebuerger Büro sech vun deem auslännesche Büro rembourséieren. Dëse Mécanissem spillt och wann deen am Ausland immatriculéierten Auto keng Versécherung hätt. An dësem Fall ass d'Affer juristesch komplett ofgeséchert.

Lescht Beispill: E Lëtzebuerger Foussgänger gëtt am Ausland vun engem Auto blesséiert, deen och am Ausland immatriculéiert ass. Bis elo war d'Rechtslag déi, datt de Foussgänger dann e Prozess huet misse maachen an deem Land wou den Accident geschitt ass. D'Direktiv, déi mer haut a Lëtzebuerger Recht ëmsetzen, vereinfacht awer elo dës Situatioun zolidd. Laut der Direktiv brauch de Lëtzebuerger Foussgänger keng Démarchë méi am Ausland ze maachen. Den auslänneschen Assureur gëtt iwwert d'Gesetz elo gehalen, e Représentant hei zu Lëtzebuerg ze hunn, dee sech dann och ëm d'Accident a spéider ëm d'Indemnisatioun këmmert.

Wann déi auslännesch Assurance kee Représentant fir Lëtzebuerg genannt huet, dann indemniséiert e speziellen Organismus. Deen eenzege Problem dee bleift ass deen, datt d'Indemnisatioun no der Loi du lieu de l'accident, dat heescht no dem Recht vun deem Land, wou den Accident geschitt ass, ausbezuelt gëtt. Dat bedeit an deene meeschte Fäll vill méi niddreg Dommages et intérêts wéi wann d'Loi de la victime, dat heescht an dësem Fall d'Lëtzebuerger Recht, géif applizéiert ginn.

De Problem vun der Loi applicable au litige ass e Punkt dee sécher nach, Här President, ze reforméiere bleift. Ech hoffen datt op dësem Punkt op europäeschem Plang e Konsens fonnt gëtt.

Bleift nach ze soen, datt d'Assurancëgesellschaft bannent dräi Méint - dat huet den Norbert Haupert explizéiert - indemniséiert muss hunn. Ass dat net de Fall, da lafen déi legal Zënse vun deem Dag un. Fir de Fonds de garantie automobile gëllt d'Dispositioun schonns no zwee Méint, am Fall wou den Assureur oder de Chauffeur vum Auto oder den Auto selwer net bekannt sinn.

Nei ass och, an dat ass mat Sécherheet ze begréissen, d'Schafung vun engem Organisme d'information, wou all Assurancëgesellschaft gehalen ass eng Lëscht ze deponéiere vun den Autoen, déi bei hinnen assuréiert sinn. Dës Funktioun soll u sech d'Kontrollstatioun zu Sandweiler iwwerhuelen.

Global gesinn, géif ech soen, verbessert dat heite Gesetz d'Indemnisatioun vum Affer a virun allem d'Délaie vun der Ausbezuelung. Mat Sécherheet gëtt et deem, dee geschiedegt gouf, op wat fir eng Aart a Weis och ëmmer, méi Rechtssécherheet. Duerfir hoffen ech datt de Projet, deen eis haut zum Vote virläit, eng breet Zoustëmmung fënnt. Ech wëll dann och den Accord vun der CSV zu dësem Projet ginn.

Ech soen lech merci.

**M. Jos Scheuer** *(LSAP).*- Dir sollt net enttäuscht ginn, Här Clement.

**M. le Président**.- Merci, Här Clement. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech gi mer Méi net dat nach eng Kéier hei ze widderhuele wat meng zwee Virriedner, de Rapporteur an de mandatéierte Sprecher vun der CSV-Fraktioun, zu deem heite Projet gesot hunn.

Ech menge wat ee muss ervirsträiche bei dësem Gesetzesprojet ass, dass eigentlech zwee Ziler verfollegt ginn. Dat éischt Zil ass dat, dass eigentlech aus där Vielfalt vu Gesetzestexter, déi mer elo hunn an déi Deelaspekter vun der Autoshaftpflicht regelen, de Versuch gemaach ginn ass, déi an engem ähnlechen Text zesummenzefaassen. Ech mengen, dat wat haut am Gesetz vun 1963 iwwert de Fonds commun de garantie automobile steet, wat am Gesetz vun 1976 iwwert d'Autohaftpflicht steet a wat am Gesetz vun 1997 iwwert den Assurancëvertrag steet, dat gëtt elo, kënnt ee soen, kodifizéiert an enger eenheetlecher gesetzlecher Rumm. Als LSAP begréisse mer dat Virgoen. Mir géifen eis just wënschen, dass dëst löblecht Virgoen ee géif méi systematesch vu Regierungssäit ugoen.

Et ginn x Secteure wou zënter laangem scho gefuerdert gëtt, net nëmme vun eiser Säit, datt ee soll kodifizéieren, dat heescht dass ee soll d'Gesetzestexter zesummebrénge fir et esou eigentlech och dem Bierger ze erliichteren iwwer seng Rechtslag informéiert ze ginn, an awer och ze garantéieren dass e gudde Fonctionnement vun der Verwaltung iwwer eng eenheetlech Applikatioun vun den Texter gewährleescht gëtt.

Ech erënneren un eis Fuerderung, d'Ausschaffe vun engem Code du travail, an d'Fuerderung vun engem Code du consommateur. Et kënnt een déi Lëscht do beliebeg fortsetzen, mä loosse mer deen heite positiven Aspekt net zerrieden duerch Kritik op anere Plazen.

Inhaltlech bréngt deen heite Projet bal ausschliesslech Verbesserungen, wann ech vun där enger oder anerer Limitatioun ofgesinn, déi elo nei an eis Gesetzgebung iwwert déi Direktiv erakënnt, eng Direktiv, an dat ass interessant ze notéieren, vun deene wéinegen déi eigentlech op eng Initiativ vun engem Europadeputéierten zréckginn. Et ass den SPD-Europadeputéierte Willy Rothley, dee sengerzäit eng Demande geriicht hat un d'Kommissioun, well se hu jo keen eigentlecht Initiativrecht, fir an deem dote Beräich aktiv ze ginn. Et gesäit een, dass dat an deem heite Fall dann och gefrucht huet, well et dréit sech an dem inhaltlechen Aspekt vum Gesetzesprojet zu engem ganz groussen Deel ëm d'Ëmsetzung vun der véierter Direktiv iwwert d'Autosassurancen.

Wat ass inhaltlech zu deem heite Projet zréckzebehalen? Wichteg ass, dass dee ganzen Aspekt vun den Accidenter touchéiert gëtt, Accidenter déi am Ausland stattfannen, respektiv Accidenter wou hei zu Lëtzebuerg en Non-résident mat implizéiert ass. Un der Action directe, déi mir schonns zu Lëtzebuerg kennen, gëtt net touchéiert duerch deen heiten Text, dat heescht d'Méiglechkeet fir de Geschiedegte fir net nëmme géint de Responsabele vum Accident virzegoen, mä fir direkt sech kënnen ze wenden un den Assureur. Et ass wichteg, dass dee Prinzip hei gewährleescht bleift.

Wat nei ass, an dat ass vläicht déi wichtegst Neierung an déi an der Praxis och zu enger tatsächlecher Verbesserung vun der Situatioun vum Geschiedegte vum Accident féiere kann, ass d'Obligatioun, déi opgrond vun der Direktiv elo ageschriwwe gëtt, dass all Assurancëgeselltschaft, déi um Territoire vun der EU täteg ass, muss e Représentant an all EU-Land bestëmmen, dee si an deem Land vertrëtt. Dat heescht also am Kloertext, wann elo an iergendenger Fro en auslänneschen Assureur hei zu Lëtzebuerg mat implizéiert ass an en Accident, dass deen e Représentant muss hei zu Lëtzebuerg hunn, wat dann den direkten Uspriechspartner vun deem Geschiedegten ass. Leider, an dat ass eng Kritik déi ee muss ubréngen un deem heiten Text, gesäit de Gesetzestext keng Konditioune vir wat d'Qualitéite vun deem Représentant ugeet. Am Gesetz steet net dra wat fir eng Viraussetzungen dee Représentant muss hu fir kënnen als Vertrieder vun der Assurancëgeselltschaft ze gëllen. Dat wäert an deene meeschte Fäll selwer eng Assurancëgeselltschaft sinn, mä dat kéint awer och eng Drëttpersoun sinn. Dat ass an eisen Aen e klenge Manko an dësem Gesetzestext.

Eng wichteg Neierung, déi och dra kënnt, dat ass dass eigentlech d'Kompetenze vum Fonds de garantie automobile ausgedehnt ginn, deen also net nëmmen zoustänneg ass fir déi direkt Entschiedegung, mä deen awer och eng Zoustännegkeet kritt wat d'Informatioun vun deene Geschiedegten ugeet. Dat ass also e Plus zu deem wat mer haut kennen. Et ass och eng Neierung, déi iwwer déi europäesch Direktiv an eis Nationalgesetzgebung mat iwwerholl gëtt.

Grad esou nei a positiv ass, dass elo probéiert gëtt fir iwwer Incitatiounsmoossnamen oder souguer iwwer Sanktiounsmoossnamen ze erreechen, dass d'Délaie bei de Behandlunge vun den Dossieren erofgesat ginn. Duerch d'Direktiv kënnt elo an eisen Text erastoen, dass muss eigentlech d'Assurancëgesellschaft, déi mat enger Demande d'indemnisation befaasst ass, an de Prinzip ass net contestéiert an d'Héicht vun der Indemnitéit ass och feststellbar, wann déi zwou Konditiounen also erfëllt sinn, da muss bannent dräi Méint vun der Assurancëgesellschaft eng positiv Reaktioun kommen. Geschitt dat net, da sinn Zënse fälleg um Taux légal no deenen dräi Méint, an zousätzlech kann dann deen, dee geschiedegt ass, sech direkt un de Fonds de garantie automobile wenden, dee bannent zwee Méint muss sengersäits d'Indemnisatioun vun der Victime vum Accident virhuelen.

Dat ka sech positiv auswierken, mä et muss ee kucke wéi déi Texter an der Praxis spillen. Dat Ganzt soll och nach gekoppelt ginn un eng Rei vun administrative Sanktiounen, déi zousätzlech kënne geholl ginn. Wéi gesot, do ass et ze fréi fir e Bilan ze maachen, mä dat geet awer an déi richteg Richtung. Nach muss een dofir suergen, dass dee ganzen neie System eigentlech och bekannt gemaach gëtt no baussen, soss kéinten déi Texter zu engem groussen Deel lettres mortes bleiwen.

Net geännert huet sech de Prinzip vun der Indemnisatioun, déi no der lex loci geschitt. Dat war eng Fro, déi bei der Ausaarbechtung vun der Direktiv diskutéiert ginn ass a wou Lëtzebuerg zesumme mat Däitschland an engem gewësse Moment probéiert hu fir een anere Prinzip duerchzesetzen, dass net sollt indemniséiert ginn no de Regele vun deem Land wou d'Accident geschitt, mä dass sollt indemniséiert ginn no de Regele vun deem Land wou de Schued eigentlech ze spieren ass. Dat hätt och fir d'Lëtzebuerger gespillt, mä op europäeschem Plang war et net méiglech fir sech op deem dote Punkt duerchzesetzen.

Ech wëll schléisse mat enger Kritik déi een ubrénge muss op engem prezise Punkt, an zwar ass et esou dass jo eng vun deene wesentlechen Neierungen an deem heiten Text doranner besteet, dass elo en Informatiounsrecht besteet fir dee Geschiedegte vum Accident wat Numm, Adress vun der Assurancëgesellschaft ugeet vun deem anere Verkéiersteilnehmer, dee mat an dat Accident implizéiert ass, wéi och d'Nummer vu senger Police d'assurance. Do gëtt eng Datebank elo agefouert. Déi Datebank gëtt net géréiert vun den Assureuren direkt, net géréiert vum Stat, mä déi gëtt géréiert - dat war eng Décisioun vun dëser Regierung - vun der Société nationale de contrôle technique vu Sandweiler. Dat wërft awer eng Rei vu prinzipielle Froen op, déi och kritesch opgeworf si ginn am Avis vun der Handelskummer, wou sech d'Fro gestallt ginn ass, ob et eng Aufgab vun den Assureure kéint si fir eng Gesellschaft vu privatem Recht, wat d'Société de contrôle technique vu Sandweiler ass, ze finanzéieren iwwert deen dote Wee, iwwer eng Obligation légale déi hei ageschriwwe gëtt.

An eisen Aen ass dat net dee beschte politesche Stil. Dat ass erëm eng Kéier am Sënn vun der Privatiséierung vun enger Rei vun Aufgaben, déi de Stat eigentlech ze maachen huet, an dofir fënnt déi dote prezis Modalitéit, esou wéi d'Regierung se wëllt ëmsetzen, net den Accord vun eiser Fraktioun. Et bleift awer, dass global gesinn deen heiten Text, wann een d'Virdeeler an d'Nodeeler ofweit, eppes Positives duerstellt, an dofir wäert eis Fraktioun trotz deene Bedenken dëse Projet stëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Bodry. Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas ageschriwwen. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg huet jo de Verkéier an de leschte Jorzéngte permanent zougeholl. Et gesäit een dat och am beschte wéi sech eis Haaptachsen entwéckelt hunn. Als Beispill soll zum Beispill d'A3 genannt ginn, déi sougenannten Diddelenger Autobunn. 1996 sinn do 2.910.859 Camionen an déi zwou Richtunge gezielt ginn an am Joer 2000 waren dat scho 36% méi, an zwar am Ganzen 3.970.221 Unitéiten. Dat ass natierlech en immens rasant Uwuesse vum Verkéier op dësem Tronçon, mä mir hunn déiselwecht Tendenz nach op villen anere Plazen, an och net nëmmen an eisem Land.

De Stroosseverkéier huet sech also ouni Zweifel zu engem Fléau vun eiser Zäit entwéckelt an e bréngt u sech, nieft deem groussen Avantage vun der Mobilitéit, allerdéngs och eng Rei vun negative Konsequenze mat sech. Onofhängeg vum Impakt op d'Liewensqualitéit, virun allem natierlech fir déi Leit déi laanscht esou grouss Achse wunnen, bréngen awer virun allem déi heefeg Accidenter vill Leed an d'Familljen. Et ass also evident, dass de legislative Kader fir déi obligatoresch Autosassurance weider verbessert muss ginn.

Dee virleiende Projet hei huet eemol méi natierlech och europäesche Charakter, well et sech jo ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv handelt, och wa mir natierlech als Lëtzebuerger hei elo nach e Schrack méi wäit ginn. Dat ass awer schonn interessant ze bemierken a beweist, dass Europa a munche Froen, och wann de Moment vläicht Europa bësse méi Schwieregkeeten huet, dach awer lues a lues méi enk zesummewiisst.

Dëst Gesetz bréngt ouni Zweifel eng ganz Rei vu Virdeeler fir d'Autoschauffeure mat sech. Virun allem déi Leit, déi vill mam Auto am Ausland ënnerwee sinn, dierften dëst Gesetz begréissen. Muncher een hat jo leider schonn emol en Accident am Ausland a weess jo och dann, wat fir eng Schwieregkeete gegebenenfalls opgetratt sinn, fir zu sengem Recht ze kommen. Besonnesch a Länner wou déi administrativ Strukturen net ëmmer esou fonctionnéiere wéi se sollten, oder wéi gesot bei engem Autosaccident wou den Onschëllege keng Assurance huet, stelle sech natierlech eng ganz Rei vu Problemer.

E weideren Nodeel ass natierlech deen, dass ee sech am Ausland net ëmmer ka mat de Leit verstännegen. Wann een zum Beispill en Accident an engem griicheschen Duerf am Hannerland huet, mat engem deen och nëmme griichesch schwätzt, da kann ee sech liicht virstellen dass dat natierlech zu enger ganzer Rei vu Problemer ka féieren. Dofir ass et, wéi gesot, elo awer interessant, dass eben e Vertrieder désignéiert gëtt mat deem ee sech a senger offizieller Sprooch dann och verstännege kann. D'Schafe vun engem Informatiounszentrum ass des Weideren e wichtege Punkt. Et dierft u sech och hautdësdags kee Problem si fir besonnesch an Noutsituatioune sech mat deene Leit séier a Verbindung ze setzen.

Interessant ass drop hinzeweisen, dass jo hei zu Lëtzebuerg d'SNCT, also d'Société nationale de contrôle technique mat der Gérance vun dësen Informatioune fir de Kont vum Transportministère beoptraagt gëtt. Och wa mäi Virriedner dat hei éischter als negativ ugesinn huet, wëll ech awer nach eng Kéier ënnersträichen, dass jo awer de Stat den Haaptaktionär vun der SNCT ass.

Op där anerer Säit muss een awer och soen dass, fir dass dësen Informatiounszenter operationell ka ginn, de Ministère des Transports en informatesche Fichier brauch, dee vun allen Assurancëgesellschaften alimentéiert gëtt. D'ACAR, d'Associatioun vun den Assurancëgesellschaften, begréisst iwwregens, dass den Transportminister am Prinzip d'accord ass dass den

Assurancëfichier mam nationale Fichier vun den Autoe ka kombinéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e wichtegen Aspekt vun dësem Gesetz betrëfft natierlech och d'Neifaassung vum Fonds de garantie automobile, deen 1963 geschafe ginn ass, an ech wëll nach eng Kéier hei en passant drun erënneren, dass et deemools eng Spezialkommissioun war déi de Rapport ausgeschafft huet zu deem Gesetz. Dëse Fong huet leider am Laf vun de Joren u Bedeitung gewonnen, well d'Zuel vun de Chauffeuren déi mengen, et bräicht ee keng Autosassurance ze hunn, leider net ofgeholl huet. Dëse Fong stellt also ouni Zweiwel och e wichtegt Opfangnetz fir déi Leit duer, déi onschëlleg Affer vun engem Stroossenaccident goufen a wou net konnt deen identifizéiert ginn, dee responsabel fir de Schued ass.

Den 11. September 2001 huet natierlech och am Assurancëwiesen en Ëmdenke bewierkt. Et gëtt elo duerch dëse Gesetzesprojet e Plaffong agesat, wann den Accident mat engem Auto en Terrorakt war. Et ass dat leider en neie Phenomeen, dee mir an eiser Gesellschaft eben elo ëmmer méi ze spiere kréien. Den Terrorismus huet eng nei a méi eng grouss Envergure erreecht, déi mer leider bis zu dësem Zäitpunkt u sech ni esou fir méiglech gehal haten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, deen eis haut zur Ofstëmmung virläit, huet natierlech och seng Auswierkungen op d'Assurancëwiesen insgesamt hei zu Lëtzebuerg. Ech wëll vläicht kuerz nach eng Kéier drun erënneren, dass dat e wichtegen, ekonomesche Secteur ass, well Enn 2000 hunn ëmmerhin 2.500 Leit do geschafft. 51 Entreprisen, dovunner 9 Lëtzebuerger, waren op deem selwechten Datum am Beräich vun den Autosassurancen täteg. Mir hunn also all Intérêt dëse Beräich gesetzlech gutt ze encadréieren. An dat mannst wat ee ka soen ass, dass dëst Gesetz deem och Rechnung dréit. Am Assurancësecteur ass dee Projet dann och positiv opgeholl ginn.

Et ass kloer, dass d'Demokratesch Partei dësem Gesetz wäert hir Zoustëmmung ginn. Ech wëll awer och nach ofschléissend dem Rapporteur, dem Norbert Haupert, merci fir seng verschidde Berichter soen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

**M. Aly Jaerling** *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och vun eiser Säit aus dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche Bericht, an och de Virriedner vu virdru fir déi Exposéen, déi se hei gemaach hunn, wou eng Rei Saachen aus der Praxis ervirgehuewe gi sinn.

Mä ech wëll awer emol en aneren Detail aus der Praxis hei ervirsträichen, deen net virbruecht ginn ass an dee menger Usiicht no och net esou positiv ass an deen och an dësem Gesetz sech net esou séier wäert änneren. Dat ass nämlech d'Situtatioun vun den Affer. Well och wa mir an dëst Gesetz aschreiwen, dass innerhalb vun dräi Méint, wann de Schued festläit, d'Affer Usproch huet op de Schuedensersatz, esou wësse mer awer dass an der Praxis dat net ëmmer esou ass an dass déi, déi am Endeffekt mussen dofir bezuelen, och wäerten dofir suergen dass an Zukunft dat net esou séier iwwert d'Bühn geet an dass et nach ëmmer wäert esou sinn dass déi Leit, déi betraff sinn, nach fënnef, sechs, respektiv esouguer siwe Joer musse waarden, ier se iwwerhaapt hire Schued ersat kréien, an doduerch och dann iwwert déi ganz Zäit eraus nach eng Kéier esou laang musse leiden an alles erëm eng Kéier musse matmaache wat se erlieft hunn.

An ech schwätzen hei net vun deem materielle Schued, mä ech schwätze vun deem physeschen a psychesche Schued, deen eng Rei Leit erleiden, an déi ginn och mat dësem Gesetz, esou gutt wéi et ass a mat all deene positiven Elementer déi dra sinn, net geännert.

Dofir wier et ganz wichteg, wann am Zesummenhank mat dësem Gesetz, oder als Unhank zu dësem Gesetz, d'Moyene géife gesicht ginn, fir dass och déi Prozeduren, déi fir déi betraffe Leit uleien, méi séier missten iwwert d'Bühn bruecht ginn, an do kéint een zum Beispill a Richtung - wéi dat elo neierdéngs och scho virbruecht ginn ass - vun enger Mediatioun goen oder vu Vergläicher, wéi dat an anere Länner de Fall ass, fir déi Prozedure vill méi séier iwwert d'Bühn ze kréien.

Well dat wat déi Leit matmaachen, dat ännert sech mat dësem Gesetz och net, an do wier nach vill Aarbecht fir Remedur ze schaafen, dass dat Leed och méi séier aus der Welt geschaaft gëtt. Mä trotz allem wäerte mer selbstverständlech, well dat Gesetz hei awer gutt Aspekter huet, deem Gesetz zoustëmmen.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Budgetsminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget.*- Merci, Här President. Kuerz um Enn vun dëser Diskussioun géif ech gären natierlech dem Rapporteur Norbert Haupert an der Finanzkommissioun merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi hei geleescht ginn ass. Et ass en technesche Projet, ëm dee sech awer ganz vill Leit bekëmmert hunn. Fir mech ass dëse Projet am Fong aus zwee Grënn wichteg a positiv. Den Haaptgrond ass, dass et eng wesentlech Verbesserung vun der Situatioun vun den Affer vun Autosaccidenter mat sech zitt. Deen zweete Grond vu Satisfactioun ass, dass mer hei effektiv e kohärenten Text virleien hunn, e koordinéierten Text, an dat mécht et dem Utilisateur, quitte dass dee muss Spezialist sinn, trotzdeem vill méi einfach.

Dat ass jo répétéiert ginn a villen Interventiounen, déi de Mëtteg hei gemaach gi sinn, an dofir brauch ech net méi op den Detail dovunner anzegoen.

Eng Prezisioun vläicht um Enn, opgrond vun der Interventioun vum Här Bodry, dee froestellend kritiséiert huet, dass dee Système d'information, wou ee ka kucken ob dann Assurancen op deenen Autoe sinn oder net, dass dee bei enger Gesellschaft ass, nämlech Sandweiler, der Société nationale de contrôle technique, wat eng Privatgesellschaft ass, esou mengen ech soll een doranner keng ideologesch Démarche vun der Regierung gesinn. Sandweiler huet haut schonn déi gesamten Datebank vun allen Autoen, an et mécht einfach Sënn dass een do e Lien mécht tëschent deem wat besteet an deem wat hei opgebaut gëtt. Dobäi soen ech, wann dat och eng Société anonyme ass, da sinn, esou wäit ech weess, d'Aktionären öffentlech-rechtlech Aktionären. Et ass also net iergendeng privat Gesellschaft déi dat kritt.

Ech mengen och dass d'Kritik vun der Chambre de Commerce éischter war, dass d'Assureuren dat misste matfinanzéieren. Do soen ech awer mäin Erstaunen driwwer, well mir hunn dee System allgemeng och schonn haut, well d'Assureure cotiséieren och mat hir eege Surveillance, wat och eng Obligatioun ass vum Stat. D'Banke cotiséieren och mat de Fonctionnement vun der CSSF, esou dass et, mengen ech, normal ass, dass Déngschtleeschtungen oder och Flichten, déi de Stat huet, och mussen iwwer e gewëssene Wee matfinanzéiert ginn. Dat kann een iwwert deen ee Wee maachen. Et hätt een och kënnen d'Steieren héijen, dann hätten och nach aner Leit matbezuelt. Hei ass sech fir dëse Wee entscheet ginn. Et war eng Propositioun vum Transportminister, där d'Regierung an dësem Punkt nokomm ass.

Ech mengen, dass een hei net kann eng Privatisatioun dohannert gesinn, mä einfach eng pragmatesch Léisung fir eng gutt Gestioun vun deem Informatiounssystem ze maachen. Ech sinn awer frou ze spieren, dass trotz där Kritik oder Fro, déi zu enger Kritik geféiert huet, et mer esou schéngt ze sinn, dass all Fraktiounen am Parlament dëse Projet stëmmen, an dofir soen ech am Numm vun der Regierung merci.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5030 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 34 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5030.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 59 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Lucien Weiler (par Mme Ferny Nicklaus-Faber) et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5015 iwwert d'Bedeelegung vu Lëtzebuerg un der Kapitalerhéijung vun der Entwécklungsbank vum Europarot. Et sinn ageschriwwen: den Här Bodry an den Här Rippinger. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Haupert.



## 8. 5015 - Projet de loi relatif à la participation du Grand-Duché de Luxembourg à la 5ième augmentation du capital de la Banque de Développement du Conseil de l'Europe

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

**M. Norbert Haupert** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der scho gesot hutt, Här President, gesäit dëse Projet vir, dass d'Regierung un der Erhéijung vum Kapital vun der Banque de Développement vum Conseil de l'Europe ka participéieren. Déi Bank ass 1956 vun aacht Länner kreéiert ginn a si zielt haut 35 Memberen. Se huet als Haaptvokatioun eng Sozialvokatioun. Hiren éischten Objectif ass et fir op urgent Problemer ze reagéieren, déi an de Länner vum Conseil de l'Europe sech stellen, dat heescht besonnesch am Fall vun Naturkatastrophen oder vun engem Krich, fir Hëllef fir d'Réfugiéen ze liwweren.

Déi Bank accordéiert Prêten a besonnesch Garantien un d'Memberstaten, u lokal Collectivitéiten an u Finanzinstituter fir de Finanzement, besonnesch vu soziale Projeten, ze assuréieren. No an no ass awer den Interventiounsberäich vun der Bank erweidert ginn. Sou gëtt zum Beispill de Moment intervenéiert a Beräicher wéi d'Erhale vun Aarbechtsplazen a Kleng- a Mëttelbetriber, bei der Beruffsausbildung oder am soziale Wunnengsbau. Déi Kapitalerhéijung ass also bedingt duerch d'Erweiderung vun dem Aktivitéitsberäich vun der Bank, awer och opgrond vun der Augmentatioun vun der Zuel vun de Memberstaten.

Dës Kapitalerhéijung geschitt folgendermoossen: 1. eng Augmentatioun vum Capital mobilisable, dat heescht Kapital wat ënnerschriwwe gëtt, wat awer nach net direkt brauch verséiert ze ginn; 2. eng Incorporatioun vun engem Deel vun de Reserve vun der Bank an hiert Kapital.

Fir Lëtzebuerg bedeit dat op där enger Säit eng Augmentatioun vu sengem Undeel un dem Capital mobilisable vun 10.547.689 Euro an op där anerer Säit eng Incorporatioun vun hirem Undeel an de Reserve vun der Bank vun 1.308.976 Euro. Also de Moment brauch d'Lëtzebuerger Regierung keng Contributioun a flëssegem Geld ze maachen. Dofir proposéiert d'Kommissioun der Chamber den Text, esou wéi en hei virläit, ze stëmmen. Ech bréngen den Accord vun eiser Fraktioun a soen Iech merci.

**M. le Président**.- Den Här Alex Bodry huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll d'Erwaardung vun der Chamber hei net enttäuschen. Ech beschränke mech drop fir den Accord vu menger Fraktioun ze bréngen.

**M. le Président**.- Den Här Jean-Paul Rippinger.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Här President, ech ginn och den Accord vun eiser Fraktioun, soen awer och dem Rapporteur merci.

**M. le Président**.- Wéi ech gesinn huet d'Regierung deem näischt bäizefügen a mir kënnen direkt zur Lecture iwwergoen.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5015.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5015 ass unanime mat 59 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Clement), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marcel Sauber (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Ady Jung), Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler (par M. Norbert Haupert);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mueren a fänkt um halwer néng un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.27 heures)***

**Chamber TV weist all öffentlech Sëtzung live an integral**

An der Gemeng Bartreng
*um Kanal*
*S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Biwer an zu Wecker
*um Kanal*
*S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Bous
*um Kanal*
*S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter
*um Kanal*
*S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Dippech
*um Kanal*
*S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Iermsdref
*um Kanal*
*S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Esch-Sauer
*um Kanal*
*S40 / 455.25 Mhz*

## Ordre du jour

Débat d'orientation "Les négociations de la commission européenne dans le cadre de l'OMC relatives à la libéralisation des services AGCS et leurs conséquences"

*(Discussion générale - Motions - Votes)*

Au banc du Gouvernement se trouve Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre.

***(Début de la séance publique à 9.31 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Op eisem Ordre du jour vun haut de Moie steet eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Liberaliséierung vun de Servicer. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Hären Huss, Mosar, Fayot, Calmes, Henckes an Urbany. Als éischte Riedner ass den Här Jean Huss agedroen als Vertrieder vun der Fraktioun vun deene Gréngen, déi dës Debatt ugefrot huet. D'Wuert huet den Här Jean Huss.

### Débat d'orientation « Les négociations de la commission européenne dans le cadre de l'OMC relatives à la libéralisation des services AGCS et leurs conséquences »

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësen Débat d'orientation iwwert de GATS-Accord, op franséisch AGCS (Accord général sur le commerce des services), deen ech am Numm vun der gréngер Fraktioun ugefrot hat, fënnt haut statt, zu engem Moment wou all d'Aen op d'Ongewëssheeten an déi kommend Grausamkeete vun engem Krich am Irak geriicht sinn.

Trotzdeem ass dëse parlamentareschen Débat iwwert de GATS oder den AGCS an iwwert déi lafend Virverhandlungen an Diskussiounen iwwert den internationalen Handel mat Servicer, dat heescht Déngschtleeschtungen, absolut noutwenneg, well dëse GATS selwer an déi aktuell Verhandlungen an dësem Kontext an der interesséierter Öffentlechkeet ganz staark ëmstridde sinn.

Si si virun allem ëmstridde vu Säite vun dem internationale Gewerkschaftsbond, hei am Land vum OGB-L, dem LCGB an der Eisebunnergewerkschaft. Si sinn awer och ëmstridde vu Säite vu ganz villen ONGen, dat heescht Net-Regierungsorganisatiounen. Vill Kriticken an Oflehnunge sinn och vu ville Länner vum Tiers-Monde ze héieren, déi sech erëm eng Kéier a verschäerft de Manövere vun de grousse Konzerner, dat heescht den transnationale Sociétéiten aus den USA oder Europa an esou virun, ausgesat spieren.

Dir Dammen an Dir Hären, mir liewen haut an enger ëmmer méi globaliséierter Welt an et ass natierlech kloer, datt mir Gréng net géint Handel an Austausch an den internationale Bezéiunge sinn. Mir waren a mir bleiwen awer der fester Meenung, datt dëse Welthandel net eleng no reng kommerziellen oder Profitinteressen däerf fonctionnéieren. Mir mengen datt dëse Welthandel misst ganz staark duerch eng Rei vu Prinzipien encadréiert ginn.

Prinzipien zum Beispill vu Fairness a Gerechtegkeet, fir datt net ëmmer nëmmen déi staark Industriestaten an hir Konzerner dovu profitéieren, op Käschte vun de Schwaachen, dat heescht de sougenannten Entwécklungsländer an de villen Aarmen, déi et do gëtt.

De Welthandel muss awer och encadréiert duerch ekologesch Prinzipien, duerch de Prinzip vum Développement durable fir d'Ëmwelt an d'Biodiversitéit ze schützen an och fir eise Kanner a Kannerskanner eng liewenswäert Welt ze hannerloossen. Dëse Welthandel muss an eisen Ae selbstverständlech och sozialen, gesondheets- a verbraucherschutzpolitesche Kritären ënnerworf sinn, fir datt et och op dëse Gebidder net zu Mëssbräich a Feelentwécklunge ka kommen.

Dat alles, Dir Dammen an Dir Hären, ass awer leider am GATS-Ofkommes, wat ee grousst Deelofkommes ass am Kader vun der OMC, der Welthandelsorganisatiouп, net oder zumindest net genuch assuréiert. Am GATS-Traité an och an der OMC insgesamt dominéiert ganz kloer an eesäiteg dee reng ökonomeschen, dee reng kommerziellen Aspekt, an et war och aus deene Grënn wou mir Gréng deemools 1995 hei an der Chamber ganz grouss Skepsis geäussert haten an och net fir dësen OMC-Vertrag gestëmmt haten.

Réckbléckend op deemools woen ech haut vun dëser Tribün ze soen, datt ech der Meenung sinn datt sech esou munch Deputéierten deemools net am Klore waren iwwert déi méiglech Konsequenze vun deem wat se ofgestëmmt haten. Dat war net nëmmen hei zu Lëtzebuerg de Fall, mä wahrscheinlech a ville Parlamenter a souguer a Regierungen, virun allem am Tiers-Monde weltwäit.

Eréischt dräi bis véier Joer duerno sinn dunn déi éischt méi massiv international Protester a Protestbewegungen entstan an hu sech ëmmer méi massiv entwéckelt. Denkt un d'Protester zu Seattle oder duerno un déi zu Genua. Denkt un d'Protester géint de sougenannten AMI-Vertrag, deen du gestoppt gouf. An och ronderëm d'Konferenz zu Doha am Scheichtum Katar gouf et eng Rei hefteg Diskussiounen a Protester, well zu Doha géint de Wëlle vun de weltwäiten ONGen a vu villen Drëttweltlänner, vu praktesch allen Drëttweltlänner, eng nei Verhandlungsronn fir eng weider Liberaliséierung vum Welthandel finalement duerchgeboxt ginn ass. Dat virun allem duerch massiven Drock vun den USA a vun der Europäescher Unioun an hirem Commissaire, dem Här Pascal Lamy.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir kënnt Iech erënneren dass ech Iech als Observateur vun dëser Konferenz zu Doha e schréftleche Rapport iwwert den Inhalt a Verlaf vun dëser Konferenz gemaach hat an datt mer dorobberhin en Débat doriwwer hei an der Chamber gefouert hunn.

A mengem deemolege Rapport hat ech ënner anerem och iwwert d'Problematik vum GATS a vum Handel mat Déngschtleeschtunge geschwat an op d'Risiken an d'Gefore vun dëse Verhandlungen higewisen. Ech hat deemools hei schonn higewisen op deen onerdréigleche Mangel un öffentlecher Transparenz mat där dës Verhandlungen - et kann ee bal soe Geheimverhandlungen - um Siège vun der OMC zu Genf hannert de Kulisse vun der Öffentlechkeet gefouert ginn.

Mir haten iwwregens deemools an eiser Debatt festgehalen, datt all Joer eng Debatt an der Chamber iwwer all dës Problemer vum Welthandel gefouert misst ginn, eng Debatt déi dann elo mat e wéineg Verspéidung endlech hei stattfënnt.

Dir hutt lech, Madame Ausseministesch, getrei dem DP-Motto vun Dialog an Transparenz direkt bereet erkläert fir haut, also ronn zéng oder zwielef Deeg virum Stéchdatum vum 31. Mäerz, hei zu de GATS-Verhandlunge Stellung ze bezéien. Dat ass och dringend néideg, well wahrscheinlech déi meeschten Deputéierten heibannen absolut net wëssen ëm wat et do bei de GATS-Verhandlunge geet a wat iwwerhaapt d'Verhandlungspositioune vun der Lëtzebuerger Regierung dobäi sinn.

Als Member vun dëser Chamber wëll ech wëssen, mä och déi concernéiert Gewerkschaften an ONGen dobausse wëlle wëssen - mir wëllen endlech Transparenz doriwwer -, wat fir Demandë vu Liberaliséierung vu Servicer Lëtzebuerg un aner Länner geriicht huet a wat fir Servicer ëmgekéiert déi Lëtzebuerger Regierung bereet ass den internationale Konzerner an Opérateuren opzemaachen, well jo evidenterweis domadder ökonomesch, mä och sozial an aner Konsequenze verbonne kënne sinn.

Als Membere vun dëser Chamber wéisste mer alleguerten och gäre vun lech, wéi dann der Lëtzebuerger Regierung hir Haltung ass par rapport zu de Liberaliséierungsvirschléi vun der europäescher Kommissiouп, dat heescht vum Här Lamy, dee jo d'Mandat huet am Numm vun deene 15 europäesche Regierungen ze verhandelen.

Mir an och d'Öffentlechkeet dobausse wiere jiddefalls frou fir do vun lech kloer Äntwerten ze kréien. D'Chamber an d'Öffentlechkeet hunn dorobber net nëmmen en Usproch, mä och e Recht, a wann hei net endlech fir méi Transparenz gesuergt gëtt, da kënne mer jiddefalls all déi schéi Wierder vum Dialog mam Bierger a vun Transparenz gläich vergiessen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hu virdru gesot dass mir selbstverständlech och fir Handel an Austausch op internationalem Plang antrieden, awer ënnert ekologesch a sozial verantwortbare Konditiounen.

De Vertrag vun der OMC, der Welthandelsorganisatiouп, an doranner besonnesch de Vertrag iwwert de Commerce mat Servicer, dat heescht de GATS, entspriechen an eisen Aen dëse Konditiounen net a beinhalten doduerjer eng Partie vu Risiken a Geforen, déi ganz wäitgehend kënne sinn a gëeegnet kënne sinn - an dofir gëtt et ganz vill kompetent Témoignagë vun Ekonomisten a Sozialwëssenschaftler -, fir de Charakter insgesamt vum europäesche Sozialstaatmodell schrëttweis a Fro ze stellen.

Well schrëttweis, mä progressiv an ëmmer an déiselwecht Richtung sollen an deene kommende jeweils 5, 10 oder 15 Joer iwwer ëmmer nei Négociatioune weider Secteure liberaliséiert ginn, bis mer da wahrscheinlech iergendwann eng Kéier bei der totaler Utopie vun der 100%eger Liberaliséierung wäerten ukommen, vun där laut GATS-Vertrag am Prinzip nëmmen déi sougenannten onverzichtbar Hoheitsaufgabe vum Stat, dat heescht Justiz, Police, Arméi an eventuell nach d'Zentralbanken, ausgeschloss wieren.

Souwuel an der Préambule vum Vertrag wéi am Artikel 19 dovunner kënnt dat Zil kloer zum Ausdrock, wann do geschwat gëtt vu Séries de négociations destinées à accroître le niveau général des engagements spécifiques, déi zu enger Libéralisation progressive misste féieren.

Et besteet vu Säite vun deene wirtschaftleche Kräften, dat heescht haaptsächlech vu Säite vun deenen zwee-, dräihonnert gréissten amerikaneschen, europäeschen an anere multinationale Gesellschaften, ganz kloer d'Zil an Etappen alles ze kommerzialiséieren, alles zur Wuer ze maachen, aus allem kënne Profit ze schloen, an dofir ass hiert kloert Zil - an och dofir ginn et prezis Aussoen an Témoignagen - fir grad déi Secteure fir Profit a Konkurrenz opzebriechen, déi haut nach a ville Länner, virun allem am Sozialstaatmodell Europa, a staatlecher oder öffentlecher Hand sinn: staatlech Entreprisen, mä och Betriber a Regie vu Gemengen oder Gemengesyndikater.

An d'Wënsch vun de PDGe vun dëse grousse Multië maachen dobäi och net Halt virun esou evidente Services publics wéi zum Beispill d'Waasserversuergung, d'Educatioun, d'sozial Déngschter oder och d'Santé publique.

Et muss ee leider soen, datt dës grouss Patrone mat hiren neoliberale Liberaliséierungs-, Privatiséierungs- an Deregulariséierungswënsch net eleng do stinn, mä datt se do dobäi vill Verständnis fanne bei den zoustännegen EU-Commissairen, virun allem bei den Häre Lamy, Monti oder Liikanen an deenen hire Chefbeamten, déi bereet sinn alles oder bal alles fir si ze maachen, ënner anerem zum Beispill a Saache permanent Informatioun, während op där anerer Säit awer a Richtung Gewerkschaften an a Richtung ONGen absolut keng Transparenz an och kee seriöen Informatiounsfloss bis elo bestanen huet.

Well den Här Lamy jo awer just kann am Optrag, op Mandat, vun de 15 europäesche Regierunge verhandelen, droen och dës Regierungen an eisen Aen - och déi lëtzebuergesch - dobäi eng kloer Verantwortung. Mir mengen, datt dem Här Lamy säi Verhandlungsmandat schnellstens misst nei definéiert ginn, fir datt mer net blann vill ze vill schnell an eng praktesch gesinn irreversibel Liberaliséierungssakgaass erageroden, Liberaliséierungssakgaassen aus deenen et da ganz schwéier wäert si fir iwerhaapt erëm eng Kéier kënnen erauszekommen.

Mat Liberaliséierungssakgaasse menge mer net nëmmen déi an der Tëschenzäit bekannten absolut negativ Entwécklungen aus der Vergaangenheet vu Privatiséierung vu Servicer, déi virdru Services publics waren an den Industriestaten. Ech denken do zum Beispill un d'Energiekris an drastesch Präiserhéijungen a Kalifornien. Ech denken un de Fiasko vun der Privatiséierung vu den Eisebunnen an England oder an Holland, oder och un d'Privatiséierung vum Drénkwaasser an England an a Wales am Joer 1990.

Zu dësem leschte Beispill just e puer Zuelen a Fakten, fir emol ze illustréiere wat dat heescht: No der Privatiséierung vum Waasser an England an a Wales hunn d'Privatfirme praktesch näischt an d'Moderniséierung vum Leitungsnetz investéiert, mä rise Profiter gemaach. D'Präisser sinn zënterhier inflatiounsberengegt ëm iwwer 40% gehéicht ginn. Resultat: Innerhalb vu engem Joer no der Privatisiséierung hunn 21.586 Haushalter, sougenannte sozialschwaach Haushalter, de Krunn vum Waasser ganz einfach zougedréint kritt an d'Zuel vu de Fäll vun der Ruhrkrankheet, déi bekanntlech op Hygiène zréckzeféieren ass, huet sech praktesch vervéierfacht, mat neie Käschten natierlech och fir den öffentleche Gesondheetsdingscht. Eréischt 1999 sinn déi staatlech Opsiichtsbehörden dunn ageschratt an hunn de Privatentreprisen d'Oplag gemaach, bis 2005 15 Milliarde Pond ze investéiere fir eng seriö Waasserversuergung ze sécheren, fir Ëmweltoplagen och anzehalen an ze erfëllen a fir Leckagen a Waasserverloschter virzebeugen. Konsequenz dovun: Et herrscht keng Begeeschterung méi bei de private Bedreiwer a Geschäftemaacher an eng Partie vu hinne wëllen anscheinend elo erausklammen an dem Stat dee Service vum Waasser zréckverkafen.

Dir Dammen an Dir Hären, ähnlech Liberaliséierungssakgaasse gouf et an deene leschte Joren am Kontext vu der Liberaliséierung vum Waasser a munche Groussstied vum Tiers-Monde, wou et deelweis zu ähnlechen onsozialen Entwécklunge koum wéi an England. Bekannt gouf virun allem de Fall vu der grousser bolivianescher Stad Cochabamba, eng Stad vu ronn 500.000 Awunner, déi och dorop eragefall waren hir Waasserversuergung engem privaten amerikanesche Konsortium ze iwwerloossen. D'Muster vu den Evénementer duerno war datselwecht. Drastesch Präiserhéijunge gläich ëm 200% fir dat Waasser, e Waasser dat dach awer d'Grondnahrungsmëttel par excellence ass, virun allem am Tiers-Monde, an an eisen Aen och e soziaalt Recht misst sinn. Dorobber hin ass et zu massenhafte Protester, Demonstratiounen, Revolten an Zesummestéiss mat der bolivianescher Arméi komm. Et koum zu ville Verhaftungen, Verletzten, zwee Leit déi blann gi sinn an esouguer engem Doudegen, iert d'Stad Cochabamba duerch déi ganz Revolten opgeschreckt an och Bolivien virun der Roserei vun der Bevölkerung zréckgeschreckt ass, an d'Stad Cochabamba hir Verträg mat där privater amerikanescher Firma wollt opléisen.

Haut, an dat erlaben expressis verbis d'Artikele vum GATS-Vertrag, steet Cochabamba net nëmme viru grousse soziale Schierbelen, mä och nach virum Geriicht vun der Welthandelsorganisatiouп, well natierlech verlaangt elo déi privat Waasserfirma, oder misst een do net besser soen déi privat „Waassermafia“, extrem héich Schuedenersatzfuerderunge vun där bolivianescher Stad, déi jo schonn net räich ass.

Dir Dammen an Dir Hären, dat waren nëmmen e puer negativ Beispiller vu Liberaliséierung aus Industriestaten oder Drëttweltlänner, Beispiller haaptsächlech aus de Beräicher Waasser, Transport an Energie, Beispiller aus deenen een eigentlech dach déi néideg Konklusioune misst zéien. An trotzdeem schéngt et elo esou ze si wéi wann d'EU-Kommissiouп op Drock vu Vivendi, op Drock vun der RWE, vu Suez a vun aneren europäesche Waassermultien, déi nach méi staark a Richtung Liberaliséierung vun de Waassermarchéé virun allem am Tiers-Monde drängen, a wann déiselwecht EU-Kommissiouп iwwert de GATS och intern an den EU-State wëllt d'Liberaliséierung vun öffentlech dirigéierte Waassermarchéen erzwéngen, wat fir eis Gréng absolut inakzeptabel ass.

Trotz eenzelne klenge Boboen an deene vergaangene Jore si mir mat der SEBES, mam SES an anere Gemengesyndikater vum Waasser zimlech gutt gefuer. Mer wëllen a mer brauche weder englesch Zoustänn nach Schlëmmeres, an dofir verlaange mer e kloeren Nee vun der Regierung zu jidder Liberaliséierung vum Drénkwaasser an insgesamt och e Moratoire, dat heescht eng Denkpaus, ier et iwwerhaapt däerf zu Offerten a Verhandlungen iwwer Offerten am Kader vun dëse GATS-Verhandlunge kommen.

An eis Oflehnung gëllt evidenterweis net nëmme fir d'Waasser, mä kloer och fir eng ganz Partie vun anere Services publics: Educatioun, Santé, Environnement, Sozialdingschtleeschtungen an esou virun, fir nëmmen déi Wichtegst ze nennen. Dat si fir eis aus sozialen,

ekologeschen a verbraucherschutzpolitesche Grënn kloer Aufgabe vun öffentlechem Interesse a vun öffentlecher Verantwortung, mä méi genau wäerte mer doriwwer jo nach eng Kéier méi prezis beim honorabelen Här Krecké senger Interpellatioun schwätzen, déi jo nach virun dësem Summer soll stattfannen.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, mir sti kuerz virum Krich an dorunner konstatéiert een, datt déi politesch Weltregierung, nämlech d'UNO, versot huet d'Recht vru Gewalt duerchzesetzen.

D'Welthandelsorganisatioun ass eng wirtschaftlech Form vu Weltregierung an och do musse mer dofir suergen, datt onst Liewen, ons Ëmwelt, déi nohalteg Entwécklung, d'Entwécklung vun den aarme Länner net ënnert d'Rieder vu Finanz- a renger Profitlogik kommen. Den Objet vum GATS sinn Déngschtleeschtungen, déi zwee Drëttel vun eiser Wirtschaft ausmaachen, an zugläich am Häerz vun der gesellschaftlecher Kohesioun vun all Land sinn. Erzéiung, Gesondheet, Kultur, Informatioun, mä och Waasser, Energieversuergung, Transport, Post, fir nëmmen déi ze nennen, sinn d'Grondlage vum gesellschaftleche Liewen. Eng Partie vun deenen Déngschtleeschtunge gi vun öffentlechen Entreprisen, eng aner Partie vu Privatfirme geleescht. Mä ëmmer gëtt et extra Oplage vun der öffentlecher Hand fir d'Kontinuitéit an d'Qualitéit an e Präis ze garantéieren, déi jidderengem erlaben dozou Zougank ze hunn.

Mir wëllen a kënne se net als Wuer bezeechnen. Mir wëlle fir déi Grondlage vun onsem Liewen net vun iergendenger multinationaler Gesellschaft ofhänken, där hir Profitlogik mam Allgemenginteresse, mat der nohalteger Entwécklung, mat onsem soziale Modell net op een Nenner ze bréngen ass. Wann déi Déngschtleeschtunge fir den internationalen Handel opgemaach ginn, da besteet d'Gefor datt wirtschaftlech a finanziell Kritären an deene Secteuren iwwerhand huelen an datt d'Logik vum Profit villes vun deem zerstéiert, wat onst Liewen ausmécht.

De Problem vun der Welthandelsorganisatioun ass en duebelen. Engersäits kënnen d'Länner wuel d'Zilsetzunge vun hirer nationaler Politik abréngen a schütze loossen, mä anerersäits awer kann ëmmer och e sougenannte Panel opgrond vun anere Länner Décisiounen huelen, opgrond vu Kloë vun anere Länner Décisiounen huelen, déi géint déi national Politik ginn. An hei muss am Endreglement klorgestallt ginn, datt déi national festgeluechte Politik am Déngschtleeschtungssecteur net duerch d'Welthandelsorganisatioun kann opgeweecht ginn.

Wat d'Diskussioun esou schwéier an och d'Décisiounen esou geféierlech mécht, dat ass déi mëttelfristeg Onviraussehbarkeet vum Impakt vun den Décisioune vun der Welthandelsorganisatioun. Den Här Mosar huet hei ganz vill interessant a richteg Saachen iwwert d'Welthandelsorganisatioun gesot, mä ech mengen awer wat schwéier viraus ze gesinn ass, dat ass, dass een an deem heitege Moment eng Partie Berouegunge ka ginn, wat jo och den Här Lamy an d'Madame Reding d'lescht Woch am Europaparlament gemaach hunn. Et kann een allerdéngs net virausgesi wat déi Logik, déi do ugekuerbelt gëtt, ausléist op 5, 10, 20 Joer. An dohier kënnt jo d'Angscht vu ville Leit, ob se elo an den öffentlechen Déngschter schaffen oder ob et Verbraucher sinn, déi eben déi Entwécklung do net kënnen novollzéien.

Well eleng d'Konkurrenz tëschent Privatfirme kann deen heitegen Niveau vun Déngschtleeschtungen, deen zu Lëtzebuerg an och an anere Länner opgebaut ginn ass, net garantéieren, an dofir däerf d'Welthandelsorganisatioun de Länner net verbidden hir national Regulatiounen op deem Gebitt ze treffen an et däerf net dozou kommen datt esou national Regulatiounen als Handelsdiskriminatioune vun der Welthandelsorganisatioun erkläert ginn. D'Länner däerfen och net explizit oder implizit forcéiert gi fir hir Déngschtleeschtungen ze privatiséieren. Natierlech ass d'Libéralisatioun vum Kommerz weder eng Privatisatioun nach eng Dérégulatioun. Et gëtt also weider öffentlech Regulatiounen am Déngschtleeschtungssecteur, awer et däerf net dozou kommen datt déi öffentlech Regulatiounen an de Mechanisme vum Règlement des différends vun der Welthandelsorganisatioun als konkurrenzhemmend behandelt ginn.

Här President, d'Period tëschent dem 5. Februar 2003 an dem 31. Mäerz 2003 ass kruzial fir de Fortgang vun der Négociatioun iwwert de GATS. Mir sinn also mattendran an där Prozedur. De 5. Februar 2003 huet nämlech d'Kommissioun hir Propositiounen iwwert déi Déngschtleeschtungssecteuren, déi d'Europäesch Unioun der Welthandelsorganisatioun fir d'Libéralisatioun proposéiere wëllt, ugeholl, a säit dem 11. Februar 2003 huet de Comité 133, sougenannt nom Artikel 133 vum Vertrag vun der Europäescher Gemeinschaft, doriwwer diskutéiert. Den 19. Februar war d'Date limite fir déi 15 Länner op déi éischt Lëscht ze reagéieren, an den 29. Mäerz soll déi definitiv Décisioun an deem Comité falen, an den 31. Mäerz ginn déi europäesch Offeren zu Genève virbruecht.

Ech hat dofir och de 16. Januar 2003 eng Fro un d'Madame Ausseminister zu der Öffnung vun den Déngschtleeschtunge gestallt, op déi ech de 17. Februar eng Äntwert kritt hunn. An där Äntwert sot d'Regierung, si wier fir eng progressiv Libéralisatioun vum Handel, och vun deem vun den Déngschtleeschtungen. D'Regierung widderhëlt och d'Ausso vum Här Lamy, dem zoustännege Commissaire. D'Angebot vun der Kommissioun stellt weder déi öffentlech Déngschtleeschtungen an der EU nach d'Recht vun der EU an deem Gebitt ze reglementéieren a Fro. A bekanntlech schléisst jo d'Kommissioun öffentlech Déngschtleeschtungen an der Gesondheet, an der Waasserverdeelung, an der Erzéiung an de Sozialdéngschter vun der Liberaliséierung an der Welthandelsorganisatioun aus. Dat heescht, si mécht am Moment keng Offeren dozou.

Mir mengen, si soll doriwwer eraus keng nei Ufroe fir d'Libéralisatioun, keng nei Offeren an och keng nei Ufroe fir d'Liberaliséierung beim Accès zum Waasser, am Gesondheetswiesen, an der Erzéiung, an der Kultur, an dem Audiovisuellen unhuelen.

D'Kommissioun huet an de leschte Méint, Här President, eng intensiv Informatioun a Campagne iwwer hir Haltung zur Liberaliséierung vun den Déngschtleeschtunge bedriwwen, well dës Liberaliséierung an der Zivilgesellschaft staark ënner Beschoss komm ass. Ech mengen, et ass awer interessant emol den Discours vun der Kommissioun ze kucken. Et kann een en a fënnef Prinzipie resüméieren.

Éischtens, seet d'Kommissioun, d'Verhandlunge betreffen den Handel vun Déngschtleeschtungen an net d'Manéier wéi se an all Land reglementéiert ginn. Also den Handel vun den Déngschtleeschtungen an net d'Manéier wéi se reglementéiert ginn. All Land, gëtt gesot, kann déi Regelen opstellen, déi et wëllt an d'Déngschtleeschtunge privaten oder öffentlechen Entreprisen uvertrauen. Maache mer jo och zu Lëtzebuerg. Dofir ass et wichteg, menger Ansicht no, datt mer bei der Post, beim öffentlechen Transport an den Telekommunikatiounen, an der Energieversuergung staark öffentlech Regulateuren hunn, déi den Zougang vu jidderengem zu deenen Déngschtleeschtunge garantéieren.

Zweetens, seet den Här Lamy, seet d'Kommissioun, all Land ass fräi déi Secteuren opzemaachen, déi et wëllt. D'Décisioune vun der Welthandelsorganisatioun ginn eestëmmeg geholl, an dofir mengen ech och datt et wichteg ass, datt Lëtzebuerg ganz kloer seet wat fir Secteuren et wëllt opmaachen a wat fir net.

Drëttens, et gëtt keng sektoriell Réciprocitéit. Ee Land kann also e Secteur opmaachen, ouni datt et vun anere Länner datselwecht verlaange kann.

Véiertens, öffentlech Déngschtleeschtungen, déi een als „régaliens" bezeechent, wéi d'Justiz, d'Police, d'öffentlech Schoul zum Beispill, ech soen d'öffentlech Schoul, si vu vir era vun der Diskussioun ausgeschloss, an nëmme wann d'Déngschtleeschtunge fir d'Konkurrenz opgemaach ginn, kënne se an d'Verhandlung erakommen.

Fënneftens, seet d'Kommissioun, de GATS intervenéiert net an d'Definitioun duerch e Land vum öffentlechen Déngscht oder dem Finanzement dovunner, an dofir och, mengen ech, d'Noutwendegkeet fir onst Land dësen öffentlechen Déngscht kloer ze ëmschreiwen an auszebauen.

Här President, et muss een natierlech ënnersträichen, et ass och scho gesot ginn de Moien, datt schonns e gudden Deel vum internationalen Handel am Déngschtleeschtungssecteur besteet. D'Lëtzebuerger Firmen hunn am Joer 2001 fir 22,3 Milliarden Euro Déngschtleeschtungen exportéiert, a Lëtzebuerg huet am selwechte Joer fir 15,7 Milliarden Euro Déngschtleeschtungen importéiert. Et ass also e wichtege Secteur fir d'Lëtzebuerger Ekonomie, a grad wéi bei der Industrie ass d'Libéralisatioun am Déngschtleeschtungssecteur fir ons Ekonomie eng interessant Perspektiv. Dat wëll ech hei ganz kloer gesot hunn. Eng Evaluatioun misst op jidde Fall och komme fir déi Secteuren, déi scho liberaliséiert sinn.

D'Kommissioun denkt elo un d'Öffnung am Welthandel fir eng Partie Secteure wéi Finanzdéngschter, Déngschtleeschtunge fir Entreprisen, de Bau, Telekommunikatiounen, den Transport, Distributioun, Energie an Tourismus. Dat ass grosso modo d'Richtung an déi et elo geet. Dëst sinn effektiv héichrangeg Wirtschaftssecteuren, déi vun der Libéralisatioun kënne profitéieren. Et sinn déi dynameschst vun der europäescher Wirtschaft an och Lëtzebuerg huet eng Partie Interessen, ganz besonnesch wat d'Finanzdéngschtleeschtungen ugeet.

D'Libéralisatioun, hunn ech gesot, ass net Privatisatioun an och net Dérégulatioun . Dat wat mer allerdéngs brauchen, dat ass e kloert an e fest Bekenntnis an eng prezis Definitioun vum Service public, Service d'Intérêt général a Service universel. Mir brauchen endlech um europäesche Plang en europäescht Rahmegesetz iwwert den öffentlechen Déngscht an der Europäescher Unioun. Mir géifen haut soen eng Direktive cadre, muer soe mer en europäescht Rahmegesetz, a mir mussen an der neier Verfassung, déi mer amgaang si fir d'Europäesch Unioun ze maachen, d'Notioun vu Service d'Intérêt général als fundamentale Wäert an och als prezist Objektiv aféieren. Ech ënnersträichen, e Wäert, also en Element wat zu Grondlage vun onser Gesellschaft gehéiert an och als e praktescht politescht Objektiv aféieren.

Et muss ophéieren, Här President, datt d'Europäesch Unioun no baussen op jidde Fall dono ausgesäit, datt se sech nëmmen zoustänneg fillt fir Libéralisatioun, fir Konkurrenz a fir méiglechst lukrativ Mäert a Wäerter vu sozialer Kohesioun, sozial Regele fir d'Arbeitnehmer a wéi gesot och öffentlechen Déngscht als zweetrangeg behandelt.

Här President, e weideren Aspekt kënnt dobäi. D'Entwécklungsländner sinn natierlech och interesséiert, datt den europäesche Maart, wéi och dee vun anere räiche Länner, opgeet, fir do hir Déngschtleeschtungen ze offréieren. Och op deem Gebitt gëtt et Avantagen, mä et gëtt och Geforen. Zum Beispill datt Investisseuren dem Stat vun engem Entwécklungsland sozial an ëmweltpolitesch Regelen imposéieren, déi all Kritären ënnerlafen a sech domat natierlech dann eng gënschteg Positioun verschafen, fir am Handel Déngschtleeschtungen ze offréieren. Datselwecht gëllt fir Déngschtleeschtungen, déi zäitweileg en Transfert vu Persoune beinhalten. An dofir muss et kloer sinn, datt déi sozial Regele vum Emfängerland respektéiert musse ginn an zugläich all Diskriminatioun muss verhënnert ginn.

An deem Zesummenhank ee Wuert, et ass och schonn ugeschwat ginn, iwwert de Mode 4. Dëst betrëfft d'Mobilitéit vun den Arbeitnehmer an do steet dann am Vertrag: „Les mouvements temporaires de mains-d'œuvre peuvent contribuer à réduire les coûts ultérieurs associés à la migration permanente. (…) Les travailleurs étrangers temporaires procurent une marge de souplesse supérieure du marché du travail."

Heescht dat, Här President, dass eng geregelt a permanent Awanderung duerch eng précaire oder temporaire Awanderung ersat gëtt? Dëst wär menger Ansicht no eng sozial onnerträglech Entwécklung. Soll dat dann d'Absicht si fir mat alle Mëttelen d'Käschten ze senken?

Här President, d'lescht Woch, den 10. Mäerz 2003, hat d'Europaparlament eng öffentlech Debatt mat dem Här Lamy a mat der Madame Reding, zoustänneg fir Kultur an der Kommissioun.

Bekanntlech huet jo no Artikel 133 vum Vertrag d'Kommissioun eleng d'Recht déi gemeinsam Aussenhandelspolitik vun der Unioun auszeschaffen an ëmzesetzen. Am Traité vun Amsterdam gouf allerdéngs am Absatz 5 vun deem Artikel, no engem Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff vum 18. November 1994, preziséiert, dass d'Kommissioun am Déngschtleeschtungssecteur a wat d'intellektuell Propriétéit ugeet, nëmmen op Basis vun engem eestëmmege Mandat vum Ministerrot kann handelen. Mat deem Artikel huet iwweregens jo d'Regierung Jospin 1998 dee berühmtberüchtegten AMI, Accord multilatéral sur l'investissement, gestoppt.

D'Europaparlament ass dat Kontrollorgan vun der Kommissioun, dat am beschten outilléiert ass fir d'Entwécklung an der Welthandelsorganisatioun ze verfollegen.

Eng wichteg Fuerderung vum Europaparlament, déi mer voll deelen, ass d'Noutwendegkeet vun der politescher Kontroll a vun der Transparenz.

Am Europaparlament hat d'Kommissioun hir Propositiounen nëmmen e puer Deputéierten, esou genannte Coordinateure vun de betraffene Kommissiounen, gewisen, fir eng gewësse Confidentialitéit an der Verhandlung ze garantéieren. D'Parlament hätt dofir gäre méi Transparenz an Informatioun, well déi Geheimniskrämerei ass jo souwisou duerch d'Publikatioun um Internet duerch d'ONGen ënnerlaf ginn. An esou engem groussen Haus wéi an der Kommissioun bleift näischt ganz laang confidentiel.

An deem Zesummenhang, mengen ech, wär et wichteg dass d'Lëtzebuerger Regierung ons och hir Propositioune publik mécht, dass mer genee wësse wat déi Regierung do virbruecht huet. Et ass och wichteg ze wëssen, wéi wäit déi interesséiert Lëtzebuerger Milieuen um Dialog mat der Société civile matgemaach hunn, deen d'Kommissioun luewenswäerterweis zu Bréissel ofgehalen huet. Op jiddefall huet d'Regierung eng Verantwortung fir deen Dialog mat de Lëtzebuerger Firmen a mat den ONGen an d'Wee ze leeden.

Här President, et gëtt bekanntlech an der Welthandelsorganisatioun zwee Mouvementer. Dat eent sinn d'Offere vun der Europäecher Unioun. Dat anert sinn Demanden, déi vun anere Partner kommen. Formal hänke se, wéi ech éineschters gesot hunn, net zesummen. Et gëtt keng sektoriell Réciprocitéit, mä si hänken awer inhaltlech mateneen zesummen. Wann een nämlech näischt offréiert, kann een näischt kréien, dat heescht keng Öffnung vun engem neie Maart, deen een eventuell wëllt.

Ze begréissen ass, dass d'Kommissioun keng Offer um Gebitt vun der öffentlecher Gesondheet, der öffentlecher Schoul an dem audiovisuelle Secteur maache wëllt. D'Kommissioun konzentréiert sech, wéi gesot, op d'Secteure vun den Telekommunikatiounen, den Déngschtleeschtunge fir d'Entreprisen, d'Finanzservicer, de Bau, d'Distributioun, den Transport an den Tourismus. Den Transport, ass elo éinescht vum Här Mosar gesot ginn, betrëfft just ee ganz klenge Secteur. Mir mengen, dass op jidde Fall den öffentlechen Transport net däerf dra kommen. Wann en net dran ass, musse mer an Zukunft dofir suergen, dass en net dra kënnt.

D'Kultur ass en interessanten Aspekt. Den Artikel 151 vum Vertrag verflicht d'Unioun, déi kulturell Diversitéit ze verteidegen. Dofir hu mer jo och d'Unerkennung vun de Sprooche vun de Memberlänner. Dofir hu mer jo och keen Engagement vun der Europäescher Unioun fir eng Libéralisatioun vu kulturellen an audiovisuellen Déngschtleeschtungen. Ech mengen, dat ass e wichtegen Acquis deen ee soll behalen. Et gëtt wuel eng Partie Programmer vun der Europäescher Unioun fir kulturell Zesummenaarbecht op enger net lukrativer Basis zwëschent der Europäsecher Unioun an dem Reescht vun der Welt. A mir mengen, dat soll och esou bleiwen.

Méi problematesch ass fir mech d'Erzéiung, och am Hibléck op onst neit Privatschoulgesetz hei zu Lëtzebuerg. D'Kommissioun seet ons, dass den Accord eng allgemeng Dispositioun enthält, déi den öffentlechen Déngscht schützt. Da seet se, dass déi aner Déngschtleeschtungen um Gebitt vun der Erzéiung, déi privat finanzéiert ginn, vun der Liberaliséierung betraff kënne ginn. Mat deem Gesetzesprojet, dee mer elo virleien hunn, officialiséiert de Lëtzebuerger Stat eng Partie Privatschoulen, déi keng prezis Regele vum Stat virgeschriwwe kréien, am Contraire zu deem wat am Gesetz vun 1982

stong, wou ganz kloer Regele fir d'Privatschoule stongen, déi wëlles hate subventionéiert ze ginn. Elo ginn d'Privatschoule just mat finanzéiert. Ech ka mer net virstellen, dass muer net aner Privatanbieter vu Schouldéngschtleeschtungen net nëmme vun deem öffentleche Finanzement profitéiere kënnen, mä och fräien Zougang zum Lëtzebuerger Maart musse kréien.

A wann d'Madame Reding am Europaparlament gesot huet, de Système public de l'éducation géif intakt bleiwen, da gesäit een dass iwwert de Wee vun der Liberaliséierung, bannen an engem Land an de Konsequenze vu baussen, dat net an Zukunft méi de Fall wäert sinn.

D'Verteidegung an den Ausbau vum Service public ass e Ganzt, an dofir wënsche mir och dass all Land Member vun der OMC d'Recht behält, seng öffentlech Déngschter ze reglementéieren. Dëst Recht soll kloer am Schlussdokument vun der Welthandelsorganisatioun definéiert a festgeluecht ginn. An et muss, mengen ech, absolut verhënnert ginn, dass kommerziell Kritären iwwert d'Kritäre vum Service public gesat ginn.

Här President, sécher ass d'Welthandelsorganisatioun net perfekt. De Feeler vun der Politik war an ass et, sech net genuch mat deem Instrument vu Gouvernance mondiale beschäftegt ze hunn, respektiv ze beschäftegen. Anerer hunn dat glécklecherweis gemaach.

D'Welthandelsorganisatioun a besonnesch de GATS si vu verschiddene Säite vun der Zivilgesellschaft schaarf attackéiert ginn. D'Manifestatioune vu Seattle, duerno zu Genua, zu Florenz, waren en Opstand géint d'Mondialisatioun insgesamt a besonnesch géint den heitege Fonctionnement vun der Welthandelsorganisatioun. Hir gëtt virgeworf d'öffentlech Déngschter ze schwächen oder ze zerstéieren. Fir d'Welthandelsorganisatioun, esou schreift d'Madame Susan George an engem Bichelchen, dat ons vun ATTAC geschenkt gouf, sinn d'Kultur, d'Gesondheet, d'Sozialdéngschter, d'Erzéiung, d'natierlech Ressourcen an esou weider Wueren a soss näischt.

ATTAC wéi eng Partie aner weltwäit ONGen hunn effektiv de Verdéngscht, dass se déi immens komplex an technesch Matière vum Welthandel an de Regelen, no deem en ofleeft, an déi, mengen ech, hei an der Chamber kee vun ons iwwersäit an hirer Technicitéit, zu engem politeschen Thema gemaach ze hunn, deen och d'Lëtzebuerger Politik net kal ka loossen.

Iwwer e puer Prinzipien allerdéngs, mengen ech, gëtt et Konsens iwwert d'Grenze vun alle Lageren eraus. Éischtens, dass de Welthandel noutwendeg ass. Zweetens, dass en no enger Partie multilaterale Regele muss oflafen. Drëttens, dass déi ënnerentwéckelt Länner Zougang zu de Mäert vun den héichentwéckelte Länner kréie mussen.

Welthandel ass noutwendeg no multilaterale Regelen, well wann et keng multilateral Regele gëtt a keng Öffnung vum Welthandel, da gëtt et Protektionismus an héchstens bilateral Ofkommen, an da geet de Welthandel fundamental a radikal zréck. Mir wëssen awer, dass e groussen Deel vun onser eegener Prosperitéit vun der Öffnung vun de Mäert, an net nëmmen dem europäesche Bannemaart, mä och vun dem Welthandel ofhänkt, an dofir muss iwwert dee Prinzip jiddefalls e Konsens bestoen. Mir däerfen net zu engem frileuse Protektionismus zréckkommen.

D'Erausfuerderung un d'Politik, Här President, ass et, grad wéi bei der sozialer Maartwirtschaft, um nationale Plang an och um europäesche Plang, sozial, ekologesch, kulturell Regelen duerchzesetzen, déi de Kapitalismus an d'Schranke verweisen, ouni déi wirtschafltech Dynamik ze bremsen. Zolidd Aarbechtsplazen, Wuelstand fir jidderee, öffentlech Déngschtleeschtunge gëtt et net fir näischt. Dat kascht, an déi Suen, déi komme vun enger dynamescher Wirtschaft. Dozou gehéiert haut zu zwee Drëttel den Déngschtleeschtungssecteur um nationale wéi um internationale Plang. An dofir soe mir Sozialiste prinzipiell jo zu enger gewësser Liberaliséierung vu gewëssen Déngschtleeschtungen, déi d'Kohesioun, de sozialen a kulturelle Modell an d'Liewensqualitéit net betreffen.

Här President, eppes wollt ech nach soen - an do sinn ech mam Här Mosar d'accord - iwwert d'Form vun deem Débat an d'Manéier wéi dat ofgelaf ass. Ech begréisse selbstverständlech, dass mer deen Débat haut hunn. Ech begréissen d'Initiativ vun de grénge Kolleegen, dass se dee gefrot hunn. Deen Débat ass d'lescht Woch, de leschten Donneschdeg, vun der Presidentekonferenz op haut festgesat ginn. Zugläich huet se anscheinend décidéiert, déi Presidentekonferenz, déi aussepolitesch Kommissioun soll sech mat deem Problem ofginn.

***(Interruption)***

Déi aussepolitesch Kommissioun hat dat bis dohinner eigentlech nach net gemaach, op jidde Fall scho laang net méi. Ech ka mech och net drun erënneren, dass mer intensiv doriwwer geschwat hätten, an ech mengen och déi meescht Deputéierten hätte sech nach net intensiv mat der Fro vum GATS ofginn, grad esou wéineg wéi d'Regierung dozou grouss Deklaratioune gemaach huet.

An dunn ass Freides, een Dag no der Décisioun, fir de Méindeg drop eng Kommissiounssitzung aberuff ginn. Zu där Sitzung sinn d'CGT an den LCGB stante pede och invitéiert ginn. Déi zwou Gewerkschaften haten de 7. Februar - mir sinn elo Mëtt Mäerz - e Bréif un de Chamberpresident geschriwwen a gemengt, d'Lëtzebuerger Chamber misst sech zum GATS ausschwätzen an d'Gewerkschafte wollten och hir Meenung dozou soen. Eng Meenung, déi jo am Januar vum Här Gabaglio, dem Generalsekretär vum europäesche Gewerkschaftsbond, dem Här Lamy zougestallt gi war.

Déi Manéier wéi déi Debatt hei organiséiert ginn ass, preparéiert ginn ass, ass kloer iwwert de Knéi gebrach ginn. Dat ass guer keen Zweifel. Fir esou e komplexen, seriöen, wierklech delikaten an héich politesch explosive Sujet ass dat menger Ansicht no net genuch. Dëse Virfall weist op en Neits, dass ons Chamber net outilléiert ass fir wichteg Froen, déi onst Land uginn, seriö ze suivéieren.

***(Interruption)***

Ech soe suivéieren, net eng Kéier ze behandelen an engem Débat, mä ze suivéieren, well et geet jo net duer eng Kéier en Débat ze hunn. Et muss menger Ansicht no e permanente Suivi ginn. Et muss regelméisseg an der Kommissioun drop geschafft ginn an déi Kommissioun muss och regelméisseg d'Informatioun preparéiert a virgeluecht kréien.

Wat den Inhalt vun deem Débat ugeet, Här President, ass et sonner Zweifel gutt, dass ons Chamber öffentlech iwwert esou en Thema schwätzt. Wa mir Sozialiste fir eng geregelt Liberaliséierung vum Welthandel vun den Déngschtleeschtunge sinn, esou wëlle mer awer zugläich véier Prinzipie behaapten, an domat, Här President, kommen ech zum Schluss.

Éischtens däerfe wichteg öffentlech Déngschtleeschtungen net verhandelt ginn. Dozou gehéiere fir ons Sozialisten d'Erzéiung, déi sozial Déngschter, d'Gesondheet, d'Pensiounen an d'Renten, d'Kultur, déi audiovisuell Medien, d'Ëmwelt, d'Landesplanung, den öffentlechen Transport, de soziale Wunnengsbau, d'Energie- an d'Waasserversuergung.

Zweetens däerfen d'Accordë vun der Welthandelsorganisatioun den nationale Regierungen d'Hänn net banne fir Regelen am nationalen Interesse um Gebitt vun deenen Déngschtleeschtungen an och aneren unzehuelen.

Drëttens eng demokratesch Kontroll iwwert déi national Parlamenter wéi dat europäescht Parlament. Ech mengen dat europäescht Parlament ass dat wesentlecht Kontrollorgan, mat allem Respekt deen ech fir déi national Parlamenter hunn, well dat ass am beschten outilléiert fir déi Kontrollinstanz ze sinn. Déi demokratesch Kontroll muss fir Transparenz am öffentlechen Débat suergen.

Véiertens, den Organe de règlement des différends muss a senger Rechtsprechung dat internationaalt Recht wéi d'Mënscherechtskonventioun vun der UNO, d'Konventioune vum OIT an déi international Accorden iwwert d'Ëmwelt respektéieren, an dofir muss och op europäeschem Plang eng Rahmengesetzgebung geschafe ginn, déi déi öffentlech Déngschter géint d'Liberaliséierung schützt.

Dat gesot, Här President, wollt ech och am Numm vun onser Fraktioun eng Motioun virleeën, déi déi wesentlech Punkte vu mengen Ausso répétéiert.

***Motion 5***

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que le secteur des services, dynamique et en forte progression, constitue désormais 60% de notre économie et garantit des emplois stables et de haut niveau;*
- *considérant que le commerce mondial en général et celui des services en particulier peut être créateur de richesses et source de développement de nombreux pays en voie de développement;*
- *considérant l'importance des services publics et des services d'intérêt général pour la cohésion et la justice sociale, pour le développement culturel et pour la santé publique de chaque Etat;*
- *considérant l'inquiétude d'un grand nombre de citoyens face à l'OMC telle qu'elle fonctionne à l'heure actuelle, peu transparente et vouée à une logique avant tout économique;*
- *considérant qu'il importe que l'Union européenne soit unie dans les négociations de l'OMC pour défendre le modèle social et la diversité culturelle de l'Europe;*
- *considérant que selon l'article 133 du Traité CE la Commission doit obtenir un mandat unanime des Etats membres pour les négociations du commerce mondial des services;*

*invite le Gouvernement*

- *à rendre publiques ses propositions en vue du mandat global de la Commission pour l'AGCS ainsi que celles de la Commission qui seront présentées le 31 mars 2003 à Genève;*
- *à informer la Chambre sur sa réaction au comité 133 et celle de ce comité à la liste proposée par la Commission le 5 février 2003;*
- *à soumettre de façon générale toutes ses positions prises à l'OMC à un contrôle parlementaire permanent et efficace et à impliquer la société civile intéressée dans la suite des négociations et avant toute conclusion de celles-ci;*
- *à s'engager à ce que le commerce mondial contribue à promouvoir l'essor des pays moins développés ou en développement;*
- *à veiller à ce qu'il soit affirmé clairement et sans équivoque que chaque Etat membre de l'OMC a le droit de réglementer ses services publics et ses services d'intérêt général et à ce que ce droit soit arrêté sans équivoque dans les règles de l'OMC;*
- *à refuser toute libéralisation dans des secteurs vitaux comme la santé, l'enseignement, la culture, l'audiovisuel, les services sociaux et les transports publics;*
- *à veiller au respect des règles sociales communautaires et nationales lors du transfert frontalier temporaire de personnels qualifiés;*
- *à œuvrer afin d'imposer comme valeurs fondamentales du commerce mondial les règles de l'OIT et les dispositions de la Convention universelle des droits de l'homme;*
- *à exiger un bilan objectif et indépendant du commerce mondial des services, parallèlement aux négociations du plan d'action de Doha pour le développement.*

*(s.) Ben Fayot, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Marc Zanussi.*

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. Den Här Calmes huet d'Wuert.

**M. Emile Calmes** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass richteg, dass mer et hei mat engem Débat d'orientation ze dinn hunn, deen u sech ganz speziell ass, an deem Sënn dass mer keen Dokument hei virleien hunn un deem mer eis u sech kéinten orientéieren, fir dann iwwerhaapt en pleine connaissance diskutéieren ze kënnen. Ech mengen, dat ass vu menge Virriedner och schonn ervirgestrach ginn.

Ech sinn och der Meenung, dass et net onbedéngt presséiert hätt deen Débat haut ze féieren. Ech sinn och net der Meenung, dass mat deem Débat vun haut den Débat ëm de GATS ofgeschloss ass. Bien au contraire, ech sinn éischter der Meenung dass den Débat ëm de GATS eréischt richteg ugeet nom 31. Mäerz, wann deen Datum soll respektéiert ginn, wou d'Offrë vun de Länner virleien, da wann d'Kaarten nämlech alleguerten um Dësch leien. Et ass jo just dat wat der Kommissioun awer och der Welthandelorganisatioun virgeworf gëtt, nämlech dass hei net mat offene Kaarte gespillt gëtt.

Ech mengen et muss ee sech awer bewosst sinn, dass mer hei am Kader vu Verhandlunge sinn, wou jiddferee seng Intérêten ze verteidegen huet. Am Prinzip leet jo kee bei esou Verhandlungen, déi engem Kaartespill jo gläichzesetze sinn, seng Kaarten op den Dësch ier dës Verhandlungen ofgeschloss ginn oder ier d'Spill fäerdeg ass. Géif hien d'Kaarten op den Dësch geheien ier d'Verhandlungen ofgeschloss sinn, dann hätt hien u sech opginn. Dat ass menges Wëssens dann zum Beispill am UNO-Weltsécherheetsrot virkomm. Do huet een Deel vun de Partner d'Kaarten u sech op den Dësch geheit, an zu wat dass dat féiert, dat wësse mer jo.

Duerfir, mengen ech, muss een awer heifir Verständnis hunn. Ech menge jo awer, dass déi verschidde Regierunge vun deene Länner, déi hei involvéiert sinn, informéiert ginn an och wëssen hir Intérêten ze verteidegen. Ech mengen, dass dat och fir d'Lëtzebuerger Regierung gëllt. Ech hunn absolut keen Zweifel dorun, dass d'Intérête fir Lëtzebuerg hei gutt verteidegt ginn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Ech menge mir sinn hei an engem Prozess, deen nach bis 2005 wäert daueren. E Prozess, deen am Februar 2000 ugefaangen huet an dee grad duerch déi ministeriell Konferenz vun Doha neien Opwand kritt huet, an deem Sënn dass Datume fixéiert gi sinn, nämlech dass bis den 30. Juni vum leschte Joer d'Demandë vun deene verschiddene Länner un all déi aner Länner vun deem Accord hei hu musse gestallt gi sinn. Bis den 30. Mäerz vun dësem Joer sollen d'Offren da bekannt gi vun deene Secteuren, déi déi verschidde Länner bereet sinn opzemaachen.

An deem Prozess befanne mer eis elo innerhalb vun der Europäescher Gemeinschaft, fir nämlech déi Offeren ze definéieren, zu deene mir als Europäesch Unioun, esou wéi déi Länner déi sech an der Europäescher Unioun engagéieren, engagéiere wëllen. Dat sinn Engagementer op zwee Niveauen: um Niveau vun de Secteuren, awer och um Niveau vun deenen horizontalen Engagementer vun de Modalitéiten u sech, déi sech iwwert d'Secteuren alleguer erstrecken.

Ech mengen et ass och normal, dass d'Verhandlungen iwwert d'Déngschtleeschtunge gefouert ginn. Ech ka mer kaum virstellen, dass d'Diskussiounen ëm den Handel vu Wueren a vu Gidder lassgeléist vun den Diskussiounen ëm d'Déngschtleeschtunge kënne gefouert ginn. Ech mengen, dass déi scho ganz enk matenee verbonne sinn. Et ass iwwerhaapt gutt, dass Verhandlunge gefouert ginn. Géifen nämlech keng Verhandlunge gefouert ginn, géif d'Situatioun méi schlëmm ginn, a wirtschaftlech Kricher - an dat wësse mer aus der Vergaangenheet - wäre jo och méiglech.

Ech mengen duerfir ass et och gutt, dass déi Verhandlungen hei fir Lëtzebuerg am Kader vun der Europäescher Unioun gefouert ginn, well mer zesumme mat deenen anere 14 Länner eis Intérête ganz sécher besser vertriede kënne wéi mer dat als Lëtzebuerg eleng géife maachen. Ech erënneren drun, dass déi Europäesch Gemeinschaft a Saachen Déngschtleeschtungen déi gréisst Part de marché weltwäit huet, virun den Amerikaner, déi awer an deene leschte Joren hei ophuele konnten. Also stellt dat och fir eis um ekonomesche Standpunkt ganz sécher emol keen Désavantage duer, ouni dobäi eis eegen Intérêten heiheem ze vergiessen.

Ech sinn der Meenung, dass déi Europäesch Gemeinschaft an deem Débat hei méi ze wannen huet wéi ze verléieren, wann ee weess dass d'Servicer zwee Drëttel am Bruttoinlandsprodukt vun der Europäescher Gemeinschaft ausmaachen, a wann een och weess dass 67 Millioune Bierger an den Déngschtleeschtunge schaffen.

Ech sinn och der Meenung, dass d'Europäesch Gemeinschaft an deene Verhandlungen hei hire Mann wäert stellen. Dat huet se an der Vergaangenheet bewisen an net zu Lescht zu Doha, wou ëmmer méi kloer ginn ass, dass et just d'Europäesch Gemeinschaft wäert sinn, déi an dëser Doha-Ronn eng méi grouss Roll wäert spillen, dat net an hirem eegenen Intérêt eleng, awer och an hirem Intérêt, mä virun allem awer am Intérêt vun den Entwécklungslänner, déi mer jo gären an de Welthandel mat agebonnen hätten.

Et si just d'Déngschleeschtungen, déi a sech den Entwécklungslänner Suerge maachen, well si an hiren Exportkapassitéite begrenzt sinn, doduerch dass si eng méi schwach Produktivitéit an hire Servicer hunn, doduerch bedéngt dass se e Manktum u Konkurrenz hunn. Esou ass et normal, dass dës Länner un d'Europäesch Gemeinschaft eruntrieden a si froen, dass se vun hirem Know-how kënne profitéieren. Dofir ass och am Kader vun deenen horizontalen Engagementer d'Modalitéit iwwert de

Mode 4 eng vun deene Wichtegen, wou nämlech d'Entwécklungsländer froen, dass hir Leit temporaire an eis Länner kënne schaffe kommen, fir hei Erfahrungen ze sammelen, déi se dann an hire Länner kënne gebrauchen. Wann een déi Dokumenter liest, déi ech hei fonnt hunn, da fënnt een eraus dass dat keng Servicer sinn a keng Plazen, déi vun onqualifizéiertem Personal besat ginn. Bien en contraire, et sinn héich qualifizéiert Secteuren an deenen d'Länner froen, wou hir Leit temporaire kënne schaffen. An deem Sënn verstinn ech a sech och net d'Skepsis vun der Société civile, déi fäert dass mer elo hei e Problem schafe vu bëllegen Aarbechtskräften an et an eisen eegene Länner zu engem Loundumping kënnt kommen.

Ech mengen d'Entwécklungsländer leeë ganz vill Wäert drop, dass hir spezialiséiert Leit kënne bei eis Erfahrunge sammele kommen, a maachen et och zum Deel ofhängeg dovun, ob dës Doha-Ronn e Succès soll ginn oder net. Wéi gesot, et gëtt net nëmmen horizontal Engagementer, et ginn och Engagementer an deene verschiddene Secteuren an och Sous-secteuren. Et muss een allerdings soen, dass dëse Volet relativ komplizéiert ass, well en héich technesch ass, well déi Secteuren all codéiert sinn an hei der Däiwel nu wierklech am Detail läit.

Et gëtt dann nach emol direkt de Virworf gemaach, dass versicht gëtt hei d'Liberaliséierung, d'Privatiséierung, d'Dereguléierung virun ze bréngen, an esou de multinationale Betriber nei Servicer zouzeschousteren, au détriment vun den traditionellen öffentleche Servicer an eise Länner.

Et muss een nach emol drun erënneren, dass fir ze liberaliséieren, ze privatiséieren oder ze dérégulariséieren net onbedéngt een dësen Accord Géneral sur le Commerce des Services brauch. Dat kann all Land onofhängeg maache vun dësem Accord. Dat maache jo och d'europäesch Länner zesummen, ouni dass dat eis onbedingt an deem Sënn virgeschriwwe gëtt. Mir maachen dat mat deem Succès an deene Konsequenzen, déi dat huet, a mat deene positiven an och vläicht oft manner positiven Elementer, déi dat mat sech bréngt.

Mir diskutéieren hei iwwer d'Liberaliséierung vum Gesondheetsberäich, fir deen nëmmen eraus ze gräifen. Et gëtt och dee vun der Educatioun geholl. Et gëtt dee vum audiovisuelle Secteur geholl. Mä loosse mer emol dee vun der Gesondheet huelen. Dat Beispill gëtt am beschten erëm wéi d'Situatioun ass. Et ass de Gesondheetsminister, deen am Numm vun der Regierung jo awer regelt a seet wou et higeet, dat wëllt awer absolut net soen, dass an dësem Secteur keng privat Acteure vir sinn. De Gros vun de Spideeler läit haut schonn a privaten Hänn, an den Hänn vun de Congrégatiounen. Viru kuerzem ass och d'Dépendance a Privathänn zum Deel iwwergaangen. Ech denken un de Projet Elysis. Ech denken awer och un déi Gesetzer, déi mer hei gestëmmt hunn, wou mer déi staatlech Altersheimer an de Privatsecteur iwwerginn hunn. De Betrib heescht Servior. An der leschter Legislaturperiod ass zum Beispill den HNP och en Etablissement public ginn, wat a sech enger Privatiséierung gläich kënnt. Dat wëllt awer net soen, dass dee Secteur dereguléiert gëtt.

Et geet drëm, fir d'Servicer ënnereneen ze regelen, dat heescht dass een déi Servicer, déi een an den Accord erabréngt, esou reglementéiert an esou organiséiert, dass jiddfereen aus deenen anere Länner, déi deen d'Accord ënnerschreiwen, ënnert de selwechte Konditiounen Zougang zu dëse Servicer huet. Wéi dass déi Servicer funktionéieren, ass am Prinzip net d'Diskussioun vun deem Accord hei. Dat décidéiert och an Zukunft natierlech all Stat selwer. Allerdings ass et esou, wann d'Konditiounen eemol festgeluecht si fir déi Secteuren déi opgemaach sinn, da gëllen déi fir jiddfereen an da kënne se och net méi réckgängeg gemaach ginn.

D'Zil vun deem Accord hei ass et also gemeinsam Regele festzeleeën, sech op gemeinsam Regelen eens ze maachen, déi bekannt si fir jiddfereen, déi en fin de compte och vu jiddferengem akzeptéiert ginn, well se jo den Accord vun all Land mussen hunn. An dëst geschitt jo am Kader vu multilaterale Verhandlungen, an ech mengen, dass déi Décisiounen hei och am Konsens da geholl gi par rapport zu bilaterale Verhandlungen, wou oft Pressioun ausgeübt gëtt, esou wéi de Virriedner dat schonn hei gesot huet. Et ass jo dofir jiddferee fräi fir déi Secteuren un ze ginn déi e wëllt opmaachen, oder déi Secteuren un ze ginn déi e wëllt zouloossen. Et ass och schonn hei ugeklong, dass d'Réciprocitéit net spillt an d'Hoheitsrechter ganz sécher net betraff sinn.

Vu dass mer jo keng offiziell Dokumenter hunn, wësse mer dann a sech och net wat d'Europäesch Kommissioun am Numm an am Accord mat deene 15 Memberstaten an dësem Kontext proposéiert huet, a wëssen och net zu wat Lëtzebuerg sech hei engagéiert huet. Ech denken, dass deen Débat vun haut dozou bäidréit, dass mer vun der Madame Ausseministesch dat da gewuer ginn. Et muss een allerdings wëssen, dass d'Madame Ausseminister jo net zoustänneg ass fir de Gros vun deene Secteuren ëm déi et hei geet, an ech hoffen dass si vun hiren anere Ministeschkolleegen déi Informatioune kritt huet, fir eis déi a sech weider ze ginn. Mä eppes schéngt mer ganz kloer ze sinn, dass d'Servicer vun der Educatioun, vun der Gesondheet, vun der Kultur an och zum ganz groussen Deel vum Waasser net ënnert déi Secteure falen, déi d'Europäesch Gemeinschaft offréiert huet. Et ass jo esou dass dës Secteuren, géifen déi offréiert ginn, an d'Codécisioun géifen erafalen, dat heescht, do missten d'Länner hiren Accord nach eemol dozou ginn.

Et muss een och betounen, dass deen Accord hei de Privatinvestisseure keng weider Rechter gëtt. D'Recht beschränkt sech a sech op d'Länner, an dofir ass deen Accord hei och net mat deem Accord iwwert d'Investissementer ze verwiesselen, well en einfach de Privatinvestisseuren d'Recht net gëtt um OMC-Tribunal hiert Recht anzekloen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass sécher net alles gutt un dësem Accord Général sur le Commerce des Services an a sech kann ee bedaueren, obschonns ee sech dozou engagéiert hat fir no enger Rei vu Joren ee Bilan ze zéien iwwert d'Avantagen, iwwert d'Désavantagen an iwwert d'Entwécklung am Kader vun dësem Welthandel, dass deen net gezu ginn ass, a virun allem dass och net gekuckt ginn ass, ob dat den d'Entwécklungslänner eppes bruecht huet oder net.

Eppes wat och net gutt ass, dass an den Diskussiounen ëm den Handel um Niveau vun der Welthandelsorganisatioun déi Sozial- an Ëmweltbestëmmungen net matdiskutéiert ginn, obschonn d'Länner sech esou wuel zu Rio wéi awer och zu Johannesburg nach eemol zu der nohalteger Entwécklung engagéiert hunn, an ech mengen och net dass déi aner Vertragskonventiounen an Accorden, déi am Kader vun aneren internationalen Organisatioune geholl gi sinn, genuch Rechtssécherheet brénge fir dass dës Volete respektéiert ginn.

Bien au contraire, ech mengen dass Strofen am Kader vun der Welthandelsorganisatioun virgesi sinn, Strofen déi awer ganz oft an deenen aneren Accorden net virgesi sinn, an dofir muss eng vun de Beméiungen, och vun der Europäescher Unioun, si fir ze kucken, dass net nëmmen d'Recht vun der OMC gëllt, mä dass awer och déi aner Rechter an d'Diskussiounen ëm de Welthandel mat agebonne sinn. Ech si mer bewosst, dass dat net esou einfach ass fir Sozial- an Ëmweltbestëmmungen an d'Diskussiounen ëm de Welthandel mat eran ze huelen, ganz einfach well oft déi Bestëmmunge fir déi eng Länner, an dat si mir, oft net héich genuch sinn, a fir déi aner Länner, an dat sinn d'Entwécklungslänner, einfach ze héich sinn. Dat huet och de Kyoto-Protokoll bewisen. Dat ass e gutt Beispill, wou d'Entwécklungslänner sech net engagéiert hunn, ganz einfach aus der Virsiicht eraus fir sech hir Entwécklung net ze verschléissen.

Ganz richteg ass och, dass um sozialen Niveau mir als europäesch Staten, an och als Lëtzebuerg, méi ze verléieren hunn an deenen Diskussioune wéi d'Entwécklungslänner. Et muss ee sech awer bewosst sinn, dass net all Land op dëser Welt esou e soziale System kann hunn, wéi mir een hei zu Lëtzebuerg hunn, an dofir ass et och net méiglech dass nei Standarden, och net déi vun der Europäescher Gemeinschaft, kënne gëllen als Regel. Dat soll awer net ausschléissen, dass mer minimal Regelen ausmaachen.

Een anere Reproche deen ëmmer erëm gemaach gëtt, ass deen dass dee ganze GATS-Prozess hei net demokratesch wär, zumindest dass et net den Uschäin hätt wéi wann dat esou demokratesch wär. Et muss een awer emol ënnersträichen, dass déi Diskussiounen, déi hei gefouert ginn, awer gefouert ginn opgrond vu Virgaben déi Techniker vu Politiker kréien, an et sinn och d'Resultater déi herno vun de Politiker mussen ofgeseent ginn. Et ass och esou dass all Parlament heiriwwer muss entscheeden.

Et muss een och wëssen, wa bei esou Verhandlunge jiddferee sech un déi Virgabe géif halen, déi en oft vun doheem matkritt, dass et dann ni zu engem Resultat géif kommen. Dofir, mengen ech, muss een deene Leit, déi do verhandelen, awer eng gewësse Flexibilitéit ginn, fir dass déi Décisiounen dann awer am Konsens vun de Länner alleguer esou wäit wéi méiglech kënne geholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn zum Schluss vu mengen Ausféierungen ukomm. Ech mengen dass esou Debatte wéi déi hei nëmme kënnen dozou bäidroen de Sujet an der Öffentlechkeet opzeklären, an ech mengen dass dat och néideg ass, well an der Öffentlechkeet herrschen awer eng Partie Ängschte bei de Leit virun dësen Accorden, och eng Partie Spannung. Déi Debatten hei kënnen nëmmen dozou bäidroen, dës Ängschten awer e bëssen ofzebauen an déi Accorden an dat richtegt Liicht ze stellen. Dofir solle mer och net haut ophalen heiriwwer ze schwätzen an, nodeem d'Kaarten um Dësch leien, virufueren en vue vun där ministerieller Konferenz, déi jo dann am Hierscht zu Cancún ass. Domat wär ech also zum Schluss vu mengen Ausféierungen ukomm a soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e puer Wuert zur Prozedur. Et ass dës Kéier ganz rapide décidéiert gi fir dës Debatt ze organiséieren. Dat war vläicht duerch den Timing bedéngt, mä et ass awer och net gutt wa mer d'Avise vun de Chambres professionnelles net hunn a wa mer an der Kommissioun vun den Affaires étrangères nëmme ganz kuerz konnten doriwwer schwätzen. Et ass awer wichteg, dass mer eng Diskussioun féieren, fir alleguerten déi Ängschten, déi dobausse bestinn, ze contrecarréieren, doduerch dass een hei offen iwwer all Problemer debattéiert.

Ons schéngt et wichtegt, dass awer och an der Zukunft versicht gëtt fir dat besser ze maachen, an dofir gi mer eng Motioun eran, Madame Ministerin, wou mer d'Regierung opfuerdere fir regelméisseg d'Chambre des Députés an och d'Chambres professionnelles ze informéieren a fir keen Accord ouni den Accord préalable vun der Chamber unzehuelen.

***Motion 6***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que les négociations multilatérales qui se déroulent dans le cadre de l'OMC et notamment celles relatives à l'AGCS (Accord Général sur le Commerce des Services) sont d'une importance considérable au niveau de leur importance et de leurs conséquences;*

*- considérant que ces négociations sont confinées dans quelques cénacles spécialisés, hors le regard et l'intervention de la Chambre des Députés et des Chambres professionnelles, de sorte à les placer en situation subsidiaire ou de spectateur face aux processus de la mondialisation;*

*- considérant qu'il y a lieu d'y remédier en associant directement la Chambre des Députés et les Chambres professionnelles aux négociations;*

*invite le Gouvernement*

*- à informer régulièrement la Chambre des Députés et les Chambres professionneles sur l'évolution des négociations en cours à l'OMC et notamment sur celles relatives à l'AGCS, de sorte à leur permettre d'émettre un avis en temps utiles;*

*- à ne souscrire à aucun engagement sans l'accord préalable de la Chambre des Députés.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling.*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi ganz Liberaliséierung vun der Weltwirtschaft an d'Globaliséierung hu mat sech gezunn, dass insgesamt méi Räichtum an der Welt geschafe ginn ass wéi jee virdrun. Mä et ass awer och grad esou kloer, dass ee muss feststellen, mam PNUD zesummen, dass déi eng Länner méi räich gi sinn, anerer si bliwwen op deem Niveau wou se waren, a vill Länner si méi aarm ginn. Datselwecht fënnt een iwwregens och nach erëm innerhalb vun deenen eenzelne Gesellschaften, innerhalb vun deenen eenzelne Länner. Et ass dowéinster awer net fir ze soen, dass d'OMC, d'Welthandelsorganisatioun hir Roll net géif spillen, ech géing just soen dass et och un der Politik ass fir hir Roll ze spillen. Mä d'Welthandelsorganisatioun muss lues a lues méi Regelen ausschaffen, fir justement där wëller Liberaliséierung, déi deelweis nach besteet, entgéint ze trieden. Et musse Spillregele ginn um internationale Maart.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Mir gesinn an der politescher Debatt, dass een Deel vun de Parteien éischter eng Tendenz huet fir staatlech organiséiert Ekonomië virzegesinn, wou de Stat eng ganz grouss Roll spillt. Mir gehéieren als ADR net zu deene Parteien, grad wéi mer och net zu deene Parteie gehéieren déi fir eng wëll, eng fräi Liberaliséierung antrieden. Mir mengen au contraire, dass sollen eng Liberaliséierung an och eventuell Privatiséierungen duerchgezu ginn, mä ënnert der politescher Kontroll. Dat ass d'Konditioun ënner där eng Liberaliséierung kann duerchgefouert ginn.

Déi Négociatiounen, déi elo gemaach ginn, déi lafen haaptsächlech iwwert de Wee vun der Commission européenne, déi een exklusiivt Mandat huet fir esou Négociatiounen ze féieren. Wann een Négociatioune féiert, ass et natierlech och esou, schéngt et mer, dass een net all Kaarte kann op den Dësch leeën, well soss huet ee jo seng Verhandlungsmargen direkt ageschränkt. Dat ass natierlech net ëmmer ganz demokratesch a ganz transparent, mä et geet awer net. Et ass grad wéi bei Kollektivvertragsverhandlunge wa jiddferee seng Kaarten direkt op den Dësch leet, da kann net méi verhandelt ginn.

Mir bedauere just, dass mer net informéiert ginn, well meeschtens déi Informatioun am europäesche Parlament geschitt an déi national Parlamenter hei bëssen drëtt Klass Muppi an der ganzer Saach sinn. Dofir och déi Motioun virdrun, dass een esou wäit wéi méiglech awer um Ball ka bleiwen an dat mat der ziviler Gesellschaft, mat de Chambres professionnelles ëmmer ka kucke wéi dat Ganzt évolueiert.

Wat wichteg ass, dat ass dass ee gesäit wat dann nu soll négociéiert ginn. Wann ech déi eenzel Donnéeë kucken, déi eenzel Servicer déi d'Europäesch Unioun wëll négociéieren, da gesinn ech dass dat d'Services financiers sinn. Do misste mer alleguerte kënnen dermat d'accord sinn. D'Services informatiques, d'Services de télécommunications, den Transportsdomän, wat den Transport maritime an d'Manutention vun de Wueren op de Flughäfen ugeet, d'Distributioun, d'Services de poste et de messagerie, d'Services professionnels, do wäerte mer vläicht e bësse méi Schwieregkeete kréien, mä dat ass awer ëmmer à double sens. D'Services environnementaux, den Tourismus an dat wat een ënnert den techneschen Termen de Mode 4 nennt, dat heescht déi temporaire Circulatioun vun Import oder Export, wann een esou ka soen, vu Leit, déi an deem engen oder deem anere Land ausserhalb vun der EU solle schaffen.

Mä et ass ëmmer op zwou Säiten, dat heescht wa mir eng Konkurrenz mat Servicer kënnen an Europa kréien, dann ass et natierlech och interessant fir ons, dass mer ënnert de selwechte Bedingungen an aner Länner kënne goen. An dofir muss een awer eppes festhalen hei, dat ass dass mer am Marché vun de Servicer als Europäesch Unioun ganz staark do sti wat den Export ugeet. Den Export vu Servicer ass an der Europäescher Unioun vill méi grouss wéi den Import, esou dass mir also éischter do sollen Demandeur sinn. Datselwecht gëllt iwwregens och fir Belgien-Lëtzebuerg, wou ech muss festhalen dass d'Belsch a Lëtzebuerg 42,6 Milliarden Dollar d'Joer u Services commerciaux exportéieren an der nure fir 38,6 Milliarden importéieren. Dat ass och eng wichteg Donnée an deene ganzen Diskussiounen.

Mir mengen och dass een net soll sech un déi Limiten halen, déi d'Europäesch Unioun bis elo virgeschloen huet, wat d'Liberaliséierung vun de Servicer ugeet. Mir hunn och kee Problem fir déi Lëscht nach auszeweiten op d'Educatioun, op d'Santé an an op d'Transports publics. Mä wou mer net d'accord sinn, dat ass bei der Kultur, bei dem Audiovisuellen a bei de Sozialleeschtungen. Et ass awer och kloer dass fir ons liberaliséieren a privatiséieren eng positiv Saach sinn, mä eng Dérégulatioun op kee Fall.

Wat wichteg schéngt ze sinn, Madame Ministerin, dat ass dass d'Europäesch Unioun, esou hunn ech wéinstens déi Aussoe vum Här Lamy konnten noliesen, garantéiert, dass am Kader vun deem berühmte Mode 4, dat heescht an deem Kader wou Personal kann an eenzel Pays tiers goen, da mussen d'Mindestsozialnormen, d'Mindestgehälter an eventuell d'Kollek-

tivverträg respektéiert ginn, esou dass fir ons op jidde Fall hei de sozialen Dumping net riskéiert ze sinn. Nach muss ee virsiichteg sinn an deem Ganzen.

Ech mengen, dass muss festgehale ginn an den Négociatiounen, wou ee liberaliséiert, dass déi ganz Régulatioun, déi mir hunn, wéi mir onse Marché organiséieren, dass déi eenzel Déngschtleeschtungen ënner verschiddenen Norme kënnen duerchgezu ginn, dass dat garantéiert gëtt. Mä mir wëssen dass trotzdeem awer nach ëmmer verschidden Entreprisë versiche fir mat all méiglechen Tricken déi ganz Liberaliséierung ze ënnergruewen an Dumpingspräisser unzebidden, mat Subsidiéierungen an esou weider. Dofir menge mer, dass et wichteg ass dass déi NIPC - wéi dat esou schéin am technesche Jargon vun der Europäescher Unioun heescht - „nouveaux instruments de protection communautaire“, nach sollen ausgeweit an duerchgezu ginn, fir d'Europäesch Unioun an d'Memberstate besser géint Iwwergréff, déi mer ëmmer festgestallt hunn, ze protégéieren.

Wann ech dat Arsenal gesi wat Amerika huet fir sech géint esou Manifestatiounen ze wieren, respektiv wat fir eng Rétortiounsméiglechkeete se hu wann hinnen eppes um Weltmaart net passt, da menge mir datt d'Europäesch Unioun sech misst déiselwecht Moyenë ginn an net hei bei der Halschent vum Wee stoe bleiwen.

Dat ass eppes wat fundamental ass, well et kann net esou sinn datt d'Amerikaner permanent kënne Rétortiounsmesurë géint Europa huelen an datt déi Europäesch Unioun sech net ka wieren.

An deem Sënn, Madame Ministerin, gi mer och eng Motioun eran, an där mer d'Regierung opfuerderen déi Liberaliséierung, sou wéi se vun der europäescher Kommissioun virgesinn ass, ze ënnerstëtzen, mä awer festzehalen datt op jidde Fall soll gewährleescht ginn, datt déi Réglementatioun, déi Gesetzer déi mer um europäeschen Niveau an um nationalen Niveau hunn, net kënnen ënnergruewe ginn, well dat wär net am Intérêt vun dëse Bierger.

***Motion 7***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la Belgique et le Luxembourg rangent parmi les principaux exportateurs et importateurs de services commerciaux au Monde et qu'ils exportent 42,6 milliards de dollars de services commerciaux et en importent pour 38,6 milliards;*

*- considérant que le négociations relatives à l'AGCS concernent, selon l'offre formulée par la Commission européenne, les services financiers, les services informatiques, les services télécommunications, le transport, la distribution, les services de poste et de messagerie, les services professionnels et du tourisme ainsi que la circulation temporaire des personnes et qu'il y a des offres de pays tiers pour les services environnementaux et la circulation temporaire de personnes physiques (mode 4);*

*- considérant qu'une exclusion de services d'intérêt public du champ d'application de l'AGCS aboutirait à définir d'une façon exhaustive une liste des services considérés comme tels ce qui risquerait de mener à une liste extrêmement limitée;*

*- considérant que l'ouverture des marchés n'implique pas de renoncement pour les Etats membres à pouvoir réguler le marché selon qu'ils le jugent utile;*

*- considérant qu'il y a lieu toutefois d'éviter que la libéralisation des services aboutisse à permettre à certaines entreprises de pays tiers à l'UE de contourner par des moyens légaux ou illégaux les dispositions légales et réglementaires tant européennes que nationales en matière de droit du travail, de sécurité sociale, d'environnement ou d'encadrement des services concernés;*

*demande au Gouvernement*

*de faire savoir à la Commission européenne*

*- que la libéralisation des services commerciaux envisagés n'est acceptable que si les dispositions légales et réglementaires tant européennes que nationales en matière de droit du travail, de sécurité sociale, d'environnement ou d'encadrement des services concernés doivent être respectées par les entreprises de pays tiers;*

*- que si les NIPC (Nouveaux Instruments de Protection Communautaire) existants ou à créer permettent à l'UE et à ses Etats membres de se protéger contre toutes mesures de dumping ou d'engager des mesures de rétorsion contre les Etats qui encouragent de telles pratiques.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling.*

Madame Ministerin, dat heite wor a kuerze Wierder - an och an deene puer Minutten déi engem zur Verfügung stinn - dat wat mir hei zu deenen Négociatioune wëlle soen, mä et ass nach eng Kéier wichteg fir keng Ängschten dobaussen ze schüren, onnëtzerweis datt d'Informatioun permanent soll gewährleescht ginn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Den nächste Riedner ass den Här Urbany.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Merci, Här President. De GATS, General Agreement on Trade and Services, ass keen normale Welthandelsaccord, wéi se am Uruguay-Round zënter 50 Joer verhandelt ginn. De GATS leeft an der Praxis duerch seng intern Dynamik, virun allem och duerch déi neoliberal Logik déi dohannert stécht, op déi weltwäit Libéralisatioun vu quasi allen Déngschtleeschtungen eraus.

De GATS bedeit d'Opmaache vu wichtege Gebitter vum mënschlechen Zesummeliewen op der ganzer Welt, och an deenen aarme Länner, fir profitorientéiert Ubidder. E bedeit am Endeffekt - och wa seng Verfechter sech vill Méi gi fir d'Öffentlechkeet ze berouegen - d'Zerschloe vun de Services publics déi an Europa, historesch gesinn, fir en héijen Niveau vu Gläichheet a Solidaritéit gesuergt hunn.

Zwar sollen elo d'Beräicher Gesondheet - am Ufank war och Rieds vum Waasser, dat ass elo net méi de Fall -, Bildung a sozial Déngschter vun der europäescher Kommissioun net méi an deene Verhandlungen ugebuede ginn. Dat huet domadder ze ginn, dass d'Kommissioun dem Drock vun der Öffentlechkeet huet missen noginn. Ier de franséische Sozialist Pascal Lamy seng Offerte ofginn huet, huet zum Beispill d'belsch Regierung missen nach am August 2002 ee geharnischte Bréif un d'Madame Viviane Reding, verantwortlech fir Bildung, schécken, déi ëm eng Positioun zum Thema „Commercialisation des services éducatifs“ gefrot hat.

An deem Bréif vun der belscher Regierung steet Folgendes dran: „La Belgique (…) marque son plus net refus de voir les règles du commerce mondial s'appliquer au services éducatifs à quelque niveau d'enseignement que ce soit.“ Dobäi hat nach am „Monde“ vum 28. Januar déi lëtzebuergesch Kommissärin erkläert, dass ee misst, ech zitéieren: „rendre nos universités compétitives sur le marché mondial de l'enseignement supérieur“.

Et gëtt och gär vun der OMC an hirer Kommunikatiounsaarbecht no bausse behaapt, de Statssecteur wär generell aus dem GATS ausgeschloss. Ganz wéineg staatlech Déngschter sinn awer prinzipiell vum GATS-Ofkommes ausgeholl, an natierlech net zum Beispill d'Schoul- oder Bildungswiesen, oder och d'Waasser, well si sinn an Europa elo schonn enger privater Konkurrenz ausgesat.

Dofir bleift déi Gefor vun enger Liberaliséierung och an deene Secteure weiderhi bestoen, Dir Dammen an Dir Hären, an et muss ee wëssen dass déi Verhandlungen iwwert de GATS eng intern Dynamik hunn. All bedeelegt Länner oder Lännergruppen, wéi zum Beispill d'EU, maachen Demandë vun Ouverture vun de Mäert un Drëttlänner, a si ginn och selwer gefrot fir hir Marchéen opzemaachen. Dat war déi Phas déi bis Juli 2002 gedauert huet.

Elo si mer an der Phas wou all Länner Offertë kënne maachen, wat fir Marchéë si selwer wëllen opmaachen. An deem Kader huet d'EU jo déi virdru genannte Secteuren ausgeschloss. An nom 31. Mäerz ginn dann d'Verhandlungen un, an da gëtt verhandelt wéi Teppechhändler, hannert zouenen Dieren. Wie gär vill hätt, muss och vill offréieren.

An et ass net ausgeschloss, dass bei deene Verhandlungen nach eng Kéier Saachen diskutéiert ginn, déi haut nach prinzipiell an offizielle Pabeiere vun der europäescher Kommissioun ausgeschloss ginn. Ëmsou méi ass dat de Fall, well d'EU jo scho ganz fréi aggressiv Demanden u verschidde Länner gestallt huet, och u Länner an der Drëtter Welt, fir hir Mäert opzemaachen, grad an esou Froen déi elo hei an Europa - gëtt de Moment gesot - sollen ausgeschloss ginn, wéi justement d'Gesondheet oder d'Educatioun, awer wéi och d'Waasser zum Beispill.

D'Europäesch Kommissioun huet och Demandë gestallt a Beräicher wéi d'Finanzsecteuren - a wann ee seet Finanzsecteuren, dann denkt een och zum Beispill un esou Saache wéi d'Pensiounsfongen oder privat Krankeversécherungen -, an esou Secteuren zum Beispill wéi d'Post, d'Telekommunikatioun, d'Ëmweltservicer, den Transport an esou weider, dat heescht och vis-à-vis vun aarmen Drëttweltlänner, déi meeschtens emol net iwwer adequat öffentlech Déngschtleeschtunge verfügen, mat all deene katastrophalen Auswierkungen déi déi Dereguléierung fir déi Länner an der Praxis wäert bréngen.

Esou entsteet weltwäit eng Liberaliséierungsdynamik, obscho gläichzäiteg offiziell behaapt gëtt, de GATS-Accord wär u sech kee Liberaliséierungsmechanismus an d'Besetzform vun de Betriber géif keng Roll spillen a wär net virgeschriwwen, an et wär iwwerhaapt net virgeschriwwen iergend ee Secteur opzemaachen, a wann e Land d'accord wär e Secteur opzemaachen, da géif et geschéien ënnert deene Konditiounen déi all eenzel Land bereet ass ze akzeptéieren, a keng Konditioun méi - den Här Mosar huet och an déi Richtung argumentéiert.

Dat ass d'Theorie, d'Realitéit gëtt bestëmmt awer vun dem aggressiven Optriede vun de multinationale Gesellschaften an haaptsächlech vun deene Regierungen, deenen europäeschen an där amerikanescher, déi hir Interesse vertrieden. Et gëtt oft fälschlecherweis behaapt den europäesche Sozialmodell wär deem amerikaneschen entgéintgesat. An deem Kontext muss ee leider soen dass Europa, souwuel intern mat sengen Direktive wéi och no baussen, eng Virreiderroll an den 90er Joren a puncto Liberaliséierung gespillt huet, egal wéi d'Regierungen ausgesinn hunn déi an Europa un der Macht waren.

De GATS-Accord schreift och eng Dynamik à long terme vir - eleng duerch säi Mechanismus - andeem en zur Obligatioun mécht, bei all nei Verhandlungsronn méi en héijen Niveau vun Öffnung vun de Mäert ze erreechen an andeem e Länner, wa si Avantagen, déi se virdru gemaach hunn, erëm wëlle réckgängeg maachen - zum Beispill well eng aner Regierung do ass déi aner Prioritéite wëll setzen - en hinnen deier Kompensatiounen opzwéngt vis-à-vis vu jiddfer Firma déi bis dohinner vun der Liberaliséierung profitéiert huet, a bekanntlech soll jo all Avantage, deen iergendengem Land gemaach gëtt, och fir all déi aner Länner gëllen.

De GATS-Accord setzt och Maassstäb fir all Entraven zum libre commerce ze behiewen, zum Beispill duerch d'Festleeë vun technesche Normen, duerch eng Begrenzung vun den öffentleche Subventiounen, Gebitter iwwert déi de Moment zwar nach diskutéiert a verhandelt gëtt, mä déi elo schonn Agréff an d'legislativ a reglementaresch Aarbecht vun de Länner méiglech maachen.

Här President, ech huele meng Riedezäit zu de Motioune bäi. Ech si geschwë fäerdeg.

**M. le Président**.- Zwou an eng hallef Minutt.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Voilà.

Déi belsch Regierung weist an deem zitéierte Bréif un d'Kommissioun och op d'Risiken hin déi sech ergi fir aus deenen Entscheedungen, déi mol eng Kéier geholl gi sinn, erëm eraus ze klammen; wat eng juristesch Etüd, déi si an Optrag ginn huet, bewisen huet.

Déi neoliberal Politik berout op der Fiktioun, dass privatiséiert Déngschtleeschtunge besser funktionéieren. Déi relativ kuerz Praxis a verschiddene Länner huet awer bewisen, dass just de Contraire de Fall ass. Aus Zäitmangel kann ech elo net op den Detail dovunner agoen.

***(Interruption)***

Ganz richteg, den Här Huss huet e puer Beispiller ginn, déi ech souwisou och elo ginn hätt. Privatiséierung - mengen ech, dat ass ganz kloer an dat beweist d'Praxis - bedeit Krich géint d'Leit duerch eng Clique vu profitgierege Raubritter vun der moderner Zäit, déi d'Rad vun der Geschicht an d'Rad vum soziale Fortschrëtt an Europa an an der Welt wëllen zréckdréinen.

De GATS huet och ganz grave d'Demokratiedefizitter bei de Verhandlungen, déi grondsätzlech geheim bleiwen, gewisen. Dat heescht europäesch a beschtefalls national Beamte confisquéieren e gudden Deel vun der Demokratie, nach méi wéi dat souwisou schonn an der EU de Fall ass, an den EU-Ministerrot hëlt just déi lescht Entscheedung a puncto Accord, ouni parlamentaresch Kontroll virdrun, just mat enger Ratifizéierung a posteriori.

Bei der Debatt iwwer Doha hat den Här Huss virgeschloen, dass zum Beispill d'Chamber sech soll regelméisseg mat deem Thema GATS befaassen. Ech mengen dass et iwwerhaapt doriwwer eraus och un der Zäit ass, dass an Europa eng grondsätzlech Diskussioun iwwert d'GATS-Verhandlunge stattfënnt. De GATS-Vertrag selwer gesäit iwwregens esou eng grondsätzlech Réévaluatioun vum Effet vu senge Mesuren all fënnef Joer vir, ouni dass dat bis elo geschitt wär, an de GATS-Vertrag huet awer elo aacht Joer.

Op jidde Fall awer misst vill méi e verbindleche Mandat un d'Kommissioun ergoen, d'Services publics op de Gebitter vun der Santé, der Educatioun an dem Waasser a kengem Fall der Liberaliséierung ze opferen, an och drop ze verzichten esou Demanden ënner anerem un d'Länner aus der Drëtter Welt ze riichten. Dat sinn och Fuerderungen déi ech net hei stellen, dat si Fuerderungen déi zum Beispill déi europäesch Gewerkschaften - an deem Pabeier deen Iech virläit - formuléiert hunn, déi och hei an ärer Kommissioun emfaange gi sinn.

A grad esou misst och kloer sinn, dass och net um Gebitt vun der Energie, dem Transport, der Post an den Telekommunikatiounen esou Demanden un aner Länner de Moment gestallt ginn, Secteuren déi jo leider an Europa ogemaach gi sinn a wou zukünfteg Regierungen et wäerte schwéier hu fir dat erëm réckgängeg ze maachen, a grad dofir gëtt jo de Moment dee Forcing an deene GATS-Verhandlunge gemaach.

Ech soen Iech merci.

**M. le President**.- Merci Här Urbany.

Den Här Urbany huet seng zwou an eng hallef Minutte vun de Motiounen derbäigeholl. Mir si genau op aacht Minutten. Genau am Timing.

Madame Minister, Dir hutt elo d'Wuert.

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Debatt, déi mer haut féieren, gëtt mer d'Geleeënheet, hoffen ech op alle Fall, eng ganz Rei Malentenduen, fir emol e ganz rouegt Wuert ze gebrauchen, iwwert den Accord Général sur le Commerce des Services, GATS genannt, kloer ze stellen.

Wann een eppes ka feststellen, an dat hu mer och de Mueren nees festgestallt, et gëtt ganz vill Desinformatioun iwwert deen hei Dossier. Ech wëll kengem Mënsch ënnerstellen datt dat wëllentlech geschitt, mä Fakt ass datt ëmmer nees déi nämlecht effektiv Gespenster awer un d'Wand gemoolt ginn, wou een awer weess datt dat net zoutréfft. Ech kommen nach drop zréck.

Eng Erklärung dovun ass allerdéngs wahrscheinlech an der effektiv ganz grousser Technicitéit vun deem Dossier ze sichen. Den Här Mosar huet drop higewisen, ganz zu Recht. Ech ginn Iech nëmmen ee Beispill, fir Iech ze soe wéi och fir eis, dat heescht och fir d'Administratioun, do ganz oft eng Erausfuerderung ass fir sech domat auserneen ze setzen. De Ministère des Affaires étrangères huet gewëss de Lead an dëse Verhandlungen a Preparatiounen, mä mir maachen dat natierlech an engster Zesummenaarbecht mat deene verschiddene Ministèren, un déi mer de Projet d'offres vun der Kommissioun ufanks Februar geschéckt hunn. Obwuel dräimol rappeléiert, hu mer awer bis haut nach net vun alle Ministèren Äntwerten.

Mir kréien da vun engem Ministère eng Äntwert, an ech soen Iech nëmmen ee Saz dovun: „J'ai l'honneur de vous informer que les documents qui m'ont été soumis par vos services, exclusivement rédigés en anglais, se caractérisent à l'examen par un manque d'intelligibilité pour tout non-initié aux terminologies et concepts de l'OMC.“

Dat weist Iech déi Erausfuerderung an effektiv de Schwieregkeetsgrad mat deem och heiansdo eis Administratioune befaasst sinn, wa se sech musse mat deene Propositiounen ofginn, mä mir maachen dat am Dialog, an der Zesummenaarbecht mat deene verschiddene Servicer.

Mä ier ech, wéi gesot, an den Detail vun dem GATS-Accord kommen, erlaabt mer vläicht mat e puer Zuelen op d'Wichtegkeet vun den Déngschtleeschtungen, ëm déi et jo hei geet, fir eis Ekonomie hinzeweisen. D'Union économique belgo-luxembourgeoise ass nämlech den zéngte gréissten Exportateur vun Déngschtleeschtungen. Am Joer 2000 huet d'UEBL fir iwwer 42 Milliarden Dollar Servicer exportéiert. Iwwer 80% vum Lëtzebuerger PIB a grad esou e groussen

Undeel vun eisen Aarbechtsplaze sinn am Déngschtleeschtungssecteur, an et besteet, dat hoffe mer op alle Fall, nach vill Potential. Fir Europa sinn et 2/3 vum PIB, déi am Déngschtleeschtungssecteur sinn.

Ech wollt och just drun erënneren, datt iwwer 18.000 Lëtzebuerger Entreprisen am Déngschtleeschtungssecteur täteg sinn. Eis Déngschtleeschtungsbilanz huet ongefeier 7 Milliarden Euro Iwwerschoss. Dat beweist, datt Europäesch Unioun a virun allem och Lëtzebuerg offensiv Interessen am Déngschtleeschtungssecteur hunn. Mä och fir Entwécklungsländer ginn d'Déngschtleeschtungen ëmmer méi wichteg. Dat weise si duerch hir aktiv Participatioun an de Verhandlunge vun der OMC. Iwwert d'Halschent vun den Ufroen, déi d'Europäesch Unioun kritt huet, kommen aus Entwécklungsländer. Ech wëll dat hei ënnersträichen, fir domat ze weisen datt et net nëmmen Demanden, wéi een dat heiansdo kënnt mengen, vun amerikanesche Firme sinn. Neen, d'Halschent vun den Ufroe kënnt aus den Entwécklungsländer. An do musse mer eis och herno weider drun erënneren, wa mer iwwer méi prezis Punkte schwätzen.

Nun, wat ass de GATS? De GATS-Accord, deen 1994 ënnerschriwwe gouf, an deen all d'Länner vun der OMC verbënnt, dat heescht 145 Länner op dem heitege Stand, gesäit vir, dass den Handel vun den Déngschtleeschtungen a verschiddene Secteure fir aner Membere vun der OMC soll opgemaach ginn. Mä all eenzelt Land bleift fräi ze bestëmmen, wéi ee Secteur soll opgemaach ginn an ënnert wat fir enge Konditiounen dat soll geschéien. Et war vu vir era kloer, datt nëmmen déi Déngschtleeschtunge virgesi sinn, déi net an den Exercice vum Pouvoir gouvernemental falen, dat heescht déi Déngschtleeschtungen déi weder op enger kommerzieller Basis gi ginn nach der Konkurrenz ënnerstinn.

Am GATS ass kee Prinzip vun der Réciprocitéit weiderhi virgesinn. Dat heescht, wann ee Member e bestëmmte Secteur opmécht, sinn déi aner Memberen net gezwongen deen nämlechte Secteur och opzemaachen. Den Här Mosar hat dat ganz kloer mat Beispiller hei ënnerstrach.

An deem Accord steet och weider, an dat ass och schonn ugeklongen, dass fënnef Joer no sengem Akraafttrieden nei Verhandlunge solle stattfannen. Den Accord gesäit awer och vir, datt dat nëmme soll gemaach ginn, andeems all Land sengen nationalen Objektiver nogoe kann, an datt d'Bedürfnisser vun alle Participante solle respektéiert ginn. Dat hätt sollten, mir wëssen et, den 1. Januar 2000 geschéien, mä nom Scheitere vu Seattle, fir e ganze Round ze lancéieren, sinn déi GATS-Verhandlungen eréischt méi spéit ugaangen.

Ech wëllt hei nach eng Kéier - et ass Gott sei Dank vun e puer Riedner schonn ënnerstrach ginn, an dofir hoffen ech, datt et lues a lues awer wierklech an de Bewosstsäin kënnt - kloer ënnersträichen, dass Liberaliséieren net Privatiséieren heescht. De GATS handelt iwwert de Commerce vun Déngschtleeschtungen an net iwwer hir Organisatioun. All Land steet et fräi, déi Déngschtleeschtungen esou ze organiséieren a se ze reglementéiere wéi et wëllt.

D'OMC huet mam Averständnis vun all Memberen e Kalenner festgesat mat verschiddene Stéchdatumen, wou virgesinn ass de GATS weider ze verhandelen. D'europäesch Kommissioun huet unhand vu Mandater, déi se fir Seattle an Doha kritt huet, zesumme mat de Memberstaten d'Positioun vun der Europäescher Unioun no an no festgeluecht. Si huet, an enger éischter Etapp, deenen anere Membere vun der OMC d'Demanden zoukomme gelooss, fir déi Secteure wou d'Europäesch Unioun, inklusiv Lëtzebuerg, sech méi Ouverture erwënscht. Et handelt sech ëm Secteure wou eis Industrien och offensiv Intérêten hunn.

En contrepartie hunn do déi aner Membere vun der OMC der Communautéit hir Requêtë matgedeelt. An enger zweeter Phas huet d'Kommissioun, op Basis vun deene Requêten, e Projet d'offres virbereet, deen am Ablack ënnert de Memberstaten nach ëmmer diskutéiert gëtt. An ech betounen, dass et sech am Moment nach ëm e Projet nëmme vun der Kommissioun handelt. En ass nach net vun deene 15 ugeholl. Net méi spéit wéi gëschter Owend hate mer nach zu Bréissel eng Aussprooch mam Commissaire Lamy doriwwer. Ech kommen nach op déi Propositiounen zréck, déi en do gemaach huet. Mir hunn eisen Accord zu deem Projet d'offres nach net gemaach. De Projet d'offres soll, wann en Accord tëschent deene 15 besteet, deenen anere Membere vun der OMC weidergereecht ginn, an dat soll normalerweis bis den 31. Mäerz geschéien.

Do sti mer haut. A wéi déi meescht vun lech och scho wäerte wëssen - oder misste wëssen op alle Fall, an ech betounen an ënnersträichen nach eng Kéier -, an deem Projet ass weder d'Educatioun, nach d'Santé, nach den audiovisuelle Secteur oder soss iergendee Secteur, deen eist allgemengt Wuel géing betreffen, virgesinn. Dat hunn ech nach viru kuerzem, d'ailleurs op eng parlamentaresch Fro vum Här Fayot, geäntwert, an dat steet och ganz kloer - fir déi, déi et wëllte wëssen - an de Resuméen déi d'Kommissioun iwwert de Projet d'offres publizéiert huet. An trotzdeem hu mer awer och nees haut dat Schreckensbild un d'Wand gemoolt kritt, wéi wann och déi do Secteuren, vläicht net haut mä awer da ganz schnell a Gefor wieren.

Et éiert den Här Huss, datt e selwer gesot huet datt e géing wësse wat ech him dorop géing äntwerten. Domat huet e Recht. Mä ech kann him versécheren, an dat wëllt ech ganz kloer soen, datt d'Effizienz vun eisem Service public-Modell, dat e Kennzeeche vum Lëtzebuerger a vum europäesche Sozialmodell ass, wäert erhale bleiwen, an datt weder déi Lëtzebuerger Regierung nach aner europäesch Regierunge wëlles hunn d'Basis vun eisem Modell a Fro ze stellen, weder an eiser jëtzeger Offer nach an enger zukünfteger. Ech kann lech dat garantéieren. Esouwäit ech ka fir mäi Wuert astoen, kënnt Dir lech dorop ganz sécher verloossen.

***(Interruption)***

Mir schwätzen elo iwwert d'Offer vun der Kommissioun, an an der Offer vun der Kommissioun ass weder d'Educatioun, nach d'Santé, nach den audiovisuelle Secteur dran. Dat ass esou an dat wäert och net dra kommen. Fir deenen hir Zukunft kann ech mech net engagéieren, do hutt Der Recht.

Ech erënneren lech drun, dass d'Europäesch Unioun a Lëtzebuerg dofir plädéiert hu fir eng Referenz op d'Protectioun vun de sozialen Normen am Doha-Round ze maachen. Mä dat ass eis net gelongen, well mer do net déi néideg Ënnerstëtzung vun deenen aneren OMC-Membere kritt hunn. Lëtzebuerg an d'Europäesch Unioun wäerte sech awer weiderhi staark maachen, dass esou eng Referenz an d'Accorde vun der OMC erakënnt.

De Commissaire Lamy, deen en charge vun dëse Verhandlungen ass, widderhëlt et regelméisseg virum Europaparlament, an dat fir d'lescht den 10. Mäerz. De GATS zwéngt kee Land ee Secteur ze liberaliséieren, wann dat Land net domadder averstanen ass. All Member vun der OMC behält säi souveränt Recht seng Engagementslëscht esou opzestellen, dass nëmmen déi Secteuren opgemaach ginn déi e wëllt. A wéi ech et scho virdru gesot hunn, kann all Land d'Konditioune festsetzen, wann ee Secteur opgeet. All Land kann dann eng ganz Rei Restriktiounen, wat de Maartzougang an den Traitement national ugeet, virgesinn, fir seng Interessen ze bewahren.

Den Här Lamy huet op genau déi nämlecht Fro wéi déi, déi den Här Huss hei gestallt huet, déi berechtegt ass, am Europaparlament geäntwert. Déi Fro ass: Déi Definitioun, déi am Artikel 3 ginn ass vun deem wat e Service public ass, misst een déi net méi prezis maachen? Do huet e gesot: Esou wéi d'Definitioun de Moment ass, léisst se all Méiglechkeeten zou. Géif ee versichen et méi prezis ze maachen, da misst een effektiv dat maachen, wat ee Moment den Här Fayot hei ugeschnidden huet, dat heescht eng europäesch Definitioun vum Service public ginn. An dat kënnt nëmme méi restriktiv sinn, well effektiv d'Situatiounen an d'Realitéiten an deene verschiddene Länner ganz aneschters sinn, besonnesch fir eis, déi en ausgesprachen…

**M. le Président**.- Madame Minister, den Här Fayot wollt eng Fro stellen.

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Ech wollt awer elo vläicht weiderfueren. Herno ginn ech nach gär drop an.

**M. Ben Fayot** *(LSAP).*- D'Definitioun vun de Services publics.

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Wa mer wëllten eng eenzeg Definitioun kloer hunn, da kënnt et nëmme méi restriktiv ausfalen, a Lëtzebuerg kënnt do nëmme verléieren. Den Här Huss, an an dem Sënn ware seng Beispiller ganz wëllkomm, huet op eng Rei Beispiller aus Länner, déi vu sozialistesche Regierunge geféiert ginn, higewisen, wou vill méi Secteuren net liberaliséiert mä privatiséiert sinn.

***(Interruption)***

Voilà, Dir sot et nach eng Kéier méi prezis.

Wa mer eis missten op eng eenzeg Definitioun festleeën, da kënnt dat fir Lëtzebuerg nëmme mat engem Minus ausgoen. Déi Definitioun, an dat war dem Här Lamy seng Äntwert och, erlaabt jiddferengem, säi Sozialmodell no sengen och nationale Bedürfnisser kënnen oprecht ze erhalen. A wéi gesot, wat d'Engagement vun der Lëtzebuerger Regierung an deem do Kontext ubelaangt, sinn ech frou datt Dir selwer, Här Huss, sot, Dir géift eis gleewen datt mer zu eisem Wuert géife stoen an datt déi Servicer net a Fro kommen, fir iergendwéi ze privatiséieren.

Ee Sujet, dee fir vill Konfusioun suergt, ass dee vun der Distributioun vum Waasser. Och hei kann ech nëmmen nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'Kommissioun an hirem Projet d'offres net virgesinn huet d'Waasserdistributioun opzemaachen an - an dat hunn ech och hei op der Tribün an op villen aneren Tribünen ëmmer nees ënnerstrach - dat géif déi heiteg Regierung och net zouloossen.

De Projet d'offres, deen elo um Dësch läit, versicht deenen Demandë Rechnung ze droen, déi eis vun deenen anere Membere vun der OMC ënnerbreet gi sinn. Dat si folgend Secteuren, an den Här Henckes hat se schonn ernimmt: d'Finanzdéngschtleeschtungen, d'Informatikdéngschtleeschtungen, d'Telekommunikatiounen, d'Distributioun, Post- a Messageriedéngschtleeschtungen, professionell Déngschtleeschtungen, Ëmweltdéngschtleeschtungen an Tourismus.

Bei deem ganz sensibele Punkt, iwwert deen am meeschten de Moment och diskutéiert gëtt - an zu Recht -, dat ass dee fir den Entwécklungsländer entgéint ze kommen. Do huet d'Europäesch Unioun wëlles eis Engagementer vun 1994, wat d'zäitbegrenzt - an ech betounen „zäitbegrenzt" - Circulatioun vun héije qualifizéierte Persounen ugeet, ze verbesseren. Ech kommen herno nach an der Prezisioun drop zréck. Dat ass de berühmte Mode 4.

Dat sinn am Fong déi Propositiounen, déi an der Offer vun der Kommissioun sinn an déi, ënnert eis, e sensibele Sujet sinn, mä wat effektiv d'Offer vun der Kommissioun ass fir déi Entwécklungsländer.

***(Interruption)***

Et ass e sensibele Sujet fir béid Säiten, mä et ass vun hinne gefuerdert an et ass dee Punkt op deen d'Entwécklungsländer am meeschte Wäert leeën.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Projet d'offres vun der Kommissioun ass engersäits op Demandë vun anere Membere baséiert, mä awer och op Basis vu verschiddenen aneren europäesch interne Consultatiounen. Et si Consultatiounen hei gelaf. Fir d'éischt déi Consultatiounen, déi regelméisseg stattfannen tëschent der Kommissioun an der Société civile. Et ass hei oft heiansdo gemaach ginn, wéi wann dat alles im stillen Kämmerlein géif stattfannen. Dat ass net richteg.

D'Initiativ, déi de Commissaire Lamy regelméisseg mécht, heescht „dialogue avec la société civile". Déi lescht Réunioun huet d'ailleurs den 31. Januar stattfonnt. Virun dem Ausschaffe vun dem Projet d'offres huet d'Kommissioun och eng breet öffentlech Consultatioun geféiert, déi e puer Méint laang gedauert huet, a Lëtzebuerg huet déi Initiativ och begréisst an encouragéiert.

Virun der Ministerkonferenz vun Doha war ech selwer och zweemol mat der Société civile hei zu Lëtzebuerg zesummen, an ech gesinn d'nächst Woch d'Gewerkschafte fir mat hinnen iwwert d'Thema GATS ze diskutéieren. Och de Commissaire Lamy huet regelméisseg Kontakter mat den europäesche Gewerkschaftszentralen.

Eng ganz Partie Informatiounen iwwert de GATS an iwwert der Kommissioun hire Projet sinn d'ailleurs op der Internetssäit vun der Kommissioun zougänglech, an dorënner och e Resumé vun dësem Projet.

Dat alles fir ze soen, datt een net ka soen et wier keng Transparenz an et wier näischt bekannt. Ech muss allerdéngs soen, datt Lëtzebuerg mat enger ganzer Rei Memberstate méi eng grouss Veröffentlechung vum Projet gefrot haten. Dat nennt een an eisem Jargon: Deklassifizéierung. Mir haten déi gefrot, well mer eis bewosst sinn datt et e wichtegt Thema ass, wat och vill Leit interesséiert.

D'Kommissioun huet awer ervirgestrach, dass d'Detailer vun dëser Offer am Moment nach vertraulech musse gehandhaabt ginn. Den Här Henckes huet jo Verständnis dofir gewisen. Dat ass och ganz richteg. Et ass bei dëse Verhandlungen net am Interessen, weder vu Lëtzebuerg nach vun der Europäescher Unioun, dass Partner an der OMC eis Schwieregkeeten oder Divergencen op der Place publique matkréien. Dat ass eben an enger Verhandlung esou, an dofir wollte mir finalement d'Solidaritéit vun der Europäescher Unioun an deem do Punkt net briechen, obscho mer am Ufank fir méi Ouverture plädéiert haten.

Et stëmmt wierklech och net, an ech wëll et ganz kloer soen, wéi wann a gewëssene Kreeser - net elo hei mä an der Press - ugedeit gi wier, datt d'Lëtzebuerger Regierung iergendwellech Dérégularisatioun akzeptéiert hätt.

Ech widderhuelen nach eng Kéier a betounen, dass déi Diskussiounen tëschent deene 15 an der Kommissioun nach ëmmer de Moment amgaang sinn, datt mir als Lëtzebuerg och keng Offer vun Ouverture gemaach hunn, wat elo ons ubetrëfft, mä datt mer iwwert déi schwätzen, déi d'Kommissioun proposéiert huet. Déi ass nach net ofgeschloss, an och mir als Lëtzebuerger Regierung hunn eis definitiv Positiounen dozou nach net festgehalen. Dofir war déi Diskussioun hei voll effikass, an engem Moment wou déi Iwwerleeungen nach kënnen afléissen.

Mä eppes kann ech lech awer elo scho soen, datt mer net wëlles sinn iergendee Secteur der ausländescher Konkurrenz opzemaachen, deen net prett dofir wier oder deen net am Interesse vun eise Bierger oder eiser Wirtschaft wier. Par contre ginn et eng Rei Secteuren, déi hei zu Lëtzebuerg souwisou schonns op sinn a wou mer nëmmen…

***(Interruption)***

Ma jo, zum Beispill wa mer elo iwwert de Mode 4 schwätzen, muss een deene Konditioune Rechnung droen, déi eisen Aarbechtsmaart och hiergëtt.

***(Interruption)***

Dat schéngt mer awer ganz einfach. Net einfach, mä awer de Rahme vun den Iwwerleeungen ass kloer.

***(Interruptions diverses)***

**Une voix**.- Dat konnt een net esou direkt doraus schléissen.

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Par contre ginn et eng Rei Secteuren hei zu Lëtzebuerg, déi souwisou schonns op sinn a wou mir nëmme kënnen dovu profitéiere wann och aner OMC-Membren déi Secteuren opmaachen, wéi zum Beispill d'Finanzdéngschleeschtungen.

E wichtege Punkt vun dem Projet - wéi gesot vun der Kommissioun - sinn d'Propositiounen iwwert déi zäitbegrenzt Circulatioun vun deenen héichqualifizéierten Aarbechter, also de Mode 4. Et ass awer net esou, dass hei auslännesch Aarbechter fir eng onbegrenzten Zäit op Lëtzebuerg kënnte schaffe kommen, an ech muss soen, hei ass an deene leschten Deeg oder Woche wierklech vill versicht ginn Angscht oder Desinformatioun ze maachen, wou versicht ginn ass déi hei Diskussioun an de Kader vun Immigratiounsméiglechkeeten ze setzen. Et geet hei net dorëm. Et geet net fir iergendengem op eng onbegrenzten Zäit Méiglechkeeten hei ze schafen. D'Kommissioun schléit nëmme vir, déi begrenzten Zäit, wou ganz héich qualifizéiert Leit eng Déngschtleeschtung an der Europäescher Unioun prestéiere kënnen, ze verlängeren, zum Deel vun dräi op sechs Méint. Déi Méiglechkeet gëtt et nämlech schonn, mä si versicht se ze verlängeren.

D'Kommissioun proposéiert dat, wéi gesot, well et eng ausdrécklech Demande besonnesch vun den Entwécklungsländer ass. An d'Kommissioun huet véier Gardefouën agebaut, fir all déi Ängschten déi hei geschürt ginn oder déi bestinn, ofzebauen.

Éischtens ass d'Offer limitéiert op héichqualifizéiert Personal. Zweetens proposéiert se d'Délaien ze allongéieren, mä awer nach fir eng kuerz Durée, wéi gesot vun dräi op sechs Méint; dat ass net onbeschränkt. Weiderhin ass et ganz evident, datt et net kann illimitéiert sinn - ënnert kengen Ëmstänn. Drëttens muss deen deen heihinner kënnt nëmmen am Kader vun engem bestëmmte Service kommen. Dat heescht, et muss scho feststoe wéi e Service hie mécht, hie kann net heihinner komme fir hei e Service ze sichen oder ze ginn, hie muss scho wësse wéi een hie kann ubidden. A véiertens, an

dat ass dat wichtegst, mussen natierlech all sozial Konditiounen, déi mir an eisem Land, an eiser Reglementatioun hunn, respektéiert ginn. Dat sinn déi véier Garde-fouën, déi elo schonn eben agebaut sinn an déi awer eng gewëssen Ouverture fir eben déi Déngschtleeschtungen do erlaben.

Gëschter Owend huet de Commissaire Lamy awer och nach eng aner Ouverture gemaach, fir kënnen doranner weider ze kommen. Hien ass souguer bereet fir iwwert d'Quotaën ze schwätzen, dat heescht fir eng Rei Ängschten ofzebauen, fir eben och nach déi Ouverture hei a Quotaën iergendwéi ze limitéieren, ze encadréieren. Déi do Diskussioune ginn also elo nach an deenen nächsten Deeg - et handelt sech effektiv ëm Deeg - an dem Comité 133 weider, a mir als Lëtzebuerger Regierung wäerten dat och ganz opmierksam verfollegen, fir et do, wéi gesot, engersäits zwar deene Länner, déi dat do als e wichtege Bestanddeel vun hiren Développementsméiglechkeeten ëmfannen, an déi och absolut an de Kader vun Doha erapassen, ze gesinn, ouni awer iergendwéi en Déséquilibre och op eisem Aarbechtsmaart kéinten hierzestellen.

Erlaabt mer da vläicht och nach ze soen, dësen Thema muss een zesumme gesinn, eben och mat eisem Engagement an der Entwécklungshëllef. Nämlech eng vun deene beschten Hëllefen, déi mer kënne ginn, ass et deene Länner ze erméiglechen eng nohalteg Wirtschaft selwer opzebauen. Dat eent ass, hëllefen andeem ee Suë gëtt; dat maache mir jo ganz aktiv a mir ënnerstëtzen dat jo och alleguer. Mä dat anert ass, an dat ass am Fong déi méi nohalteg Hëllef, deene Länner et ze erlabe sech selwer eng Ekonomie opzebauen, déi hinnen et erlaabt eng besser Zukunft ze gestalten. Dorëm geet hei och, a besonnesch déi hei Demande iwwert de Mode 4 ass an deem do Kontext ze gesinn.

Eng weider Suerg déi hei expriméiert ginn ass ass, dass eng Impaktstudie iwwert d'Konsequenzen - an den Här Huss huet dovunner geschwat - vun der Libéralisatioun vun den Déngschtleeschtunge gemaach soll ginn. Ech wëll drop hiweisen, datt d'Kommissioun schonn esou eng Studie lancéiert huet. A mir hunn dat och ënnerstëtzt.

***(Interruption)***

Si ass nach net do, mä d'Studie ass awer lancéiert a mir ënnerstëtzen dat och.

Nach e weidert Mëssverständnis ass d'Ausso, dass duerch de GATS eng multinational Firma eng Regierung bei dem Geriicht vun der OMC, dem Organe de règlement des différends, usiche kéint. Dat muss, ech ganz kloer soen, ass net richteg. Dat ass net wouer. Dat stëmmt net, well keng Entreprise…

Neen, Här Jaerling.

***(Interruption)***

…keng Entreprise ass esou grouss, keng Entreprise kann ee Member vun der OMC usichen.

***(Interruption)***

Nëmmen e Stat ka bei der OMC kloen, keng Entreprise. Ech wëll dat nëmmen hei soen, dat ass awer e groussen Ënnerscheed. Et ass awer e signifikanten Ënnerscheed.

***(Interruption)***

Et si gewëss heiansdo Intérêten, wa se global genuch sinn, déi vun engem Stat ënnerstëtzt ginn. An dofir mengen ech déi Intérêten déi mir als Lëtzebuerger Regierung op deem dote Plang och oft vertrieden, dat sinn der och déi zesummenhänke mat Intérêten déi hei am Land ugesiedelt sinn. Also mir liewe jo all net an engem loftleere Raum. Mir setzen eis an, fir déi Leit déi hei schaffen, fir déi Leit wou mer menge mer hätten hei eng Gesellschaft konnten opbauen, déi à peu près op eng sozial équilibréiert Aart a Weis ka Politik mat Ekonomie an ekonomeschen Interesse verbinden, an dofir si mer mat a verschiddenen Diskussiounen dobäi, wou mir och versichen Intérêten duerzeleeën. Mä et ass net eng Entreprise, a sief se nach esou grouss, déi bei der OMC ka kloen, et kann dat nëmmen e Land.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, verschidde Bewegungen oder Säitefroen, e Moratoire, an ech mengen dat hu mer och an engem vun de Motioune vun de GATS-Verhandlungen. Ech géif iech just gäre kuerz drun erënneren, firwat Lëtzebuerg a seng Partner an der Europäescher Unioun der Meenung sinn, dass d'négociéiert - wuel verstanen - Ouverture vun de Mäert an engem multilaterale Forum, an zwar an der OMC, eiser Meenung no, stattfanne muss. An esou engem Forum ginn et nämlech Regelen a Prozeduren, déi gewëss perfektibel sinn, mä déi awer jiddferee kennt an déi fir déi néideg Transparenz a bonne conduite vun alle Membere suergt.

Wann nämlech d'Verhandlungen net an der OMC géife stattfannen - et ass net dass se dann dofir net géife stattfannen -, mä da géife se op engem bilateralen Niveau stattfannen. An an deem Fall wier den Drock op d'Entwécklungsländer nach vill méi grouss. Da brauch ech lech net auszemolen, wa bilateral ee Land mat engem Entwécklungsland verhandelt, wéi dann d'Kräfteverhältnis ass.

Dofir, mat allen Onzoulänglechkeeten a mat alle Verbesserungsméiglechkeeten déi et ginn - an et ginn der ganz sécher vill, an net méi spéit wéi de Mëtteg sinn ech zu Genève, gesinn den Direkter vun der OMC a wäert och mat him doriwwer schwätzen -, mir als Lëtzebuerg sinn oft a ganz intensiv agetruede fir verschidde Prozeduren, och besonnesch eben am Kader vun dem Organe de règlement des différends, méi oppen, méi transparent ze gestalten. Dat war ëmmer eng vun eise Suergen.

Mä, wéi gesot, bei alle Verbesserungsméiglechkeeten ass d'OMC awer nach ëmmer besonnesch fir déi méi schwaach Partner um Weltplang déi beschte Garantie fir hir Intérêten op déi bescht méiglech Aart a Weis virzebréngen. Datt et net ëmmer einfach ass, datt ee sech muss wieren, datt ee sech muss zesummen dinn, dat wat mer jo och um Niveau vun der Europäescher Unioun maachen, dat ass ganz sécher, mä all dat ass nach ëmmer besser wéi wa mer op de Wee vu bilaterale Verhandlunge ginn, well da wësse mer op alle Fall doudsécher wien d'Iwwerhand an deenen Diskussiounen huet.

Duerch seng kloer Regelen an duerch den Agenda vun Doha, deen ebe just d'Enwécklung an de Vierdergrond stellt, ass d'OMC do fir dee beschtméigleche Kader fir de Welthandel ze förderen, an dat op eng encadréiert Aart a Weis. D'Europäesch Unioun a Lëtzebuerg ganz besonnesch wëllen ënnert kengen Ëmstänn e wëllt Liberaliséiere vum Welthandel, an ech sinn der Meenung dass d'Meilesteng, déi beim Doha-Round gesat gi sinn, dat och wäerten erméiglechen.

An deem Sënn wäerte mer eis och weiderhin an deenen Négociatiounen asetzen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Den Här Ben Fayot huet nach eng Fro.

**M. Ben Fayot** *(LSAP).*- Här President, ech hunn der Madame Minister opmierksam nogelauschtert bis zu hirem Schluss an ech komme vläicht op eppes zréck, wat se d'éinescht gesot huet a wou se mer vläicht kann eng Informatioun ginn.

Et ass jo esou, dass mer an deene Propositiounen, déi d'Kommissioun mécht, och iwwert d'Post an d'Telekommunikatiounen eng Partie Offeren hunn. Ech wollt Kloerheet doriwwer hunn. Et ass jo evident, dass déi Regelen, déi mer iwwert d'Europäesch Unioun an deene Secteuren hunn, dat heescht déi Libéralisatioun, d'Ouverture des marchés déi do geschitt ass, dat si jo déi Regelen déi bei der Négociatioun an der OMC vun der Union européenne mat deenen aneren zielen an net déi national Regelen. Hunn ech dat richteg verstanen? Dat heescht also, wa mer zum Beispill d'Telekommunikatiounen opmaache fir Opérateuren aus Pays tiers, also ausserhalb vun der Europäescher Unioun, an der Europäescher Unioun oder soss iergendwou an der Welthandelsorganisatioun, da sinn et selbstverständlech déi europäesch Regelen déi do zielen, et sinn net elo Regelen déi mir zum Beispill en matière vu Services publics hätten, mä et sinn d'Regele vum Service universel, esou wéi se an der Europäescher Unioun festgeluecht sinn.

Dohier iwwregens meng Remarque, Madame Minister, dass et wichteg wär dass mer an der Europäescher Unioun méi prezis a méi wäitfaassend iwwer Services d'intérêt général a Services publics géife codifiéieren, wéi dat wat mer elo hunn. Hunn ech dat richteg verstanen, et sinn déi europäesch Regelen déi zielen?

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här Fayot, Dir gesitt de Froekomplex ganz richteg, mä d'Äntwert ass net mat Jo oder Neen ze beäntweren. Ech brauch lech net ze soe wéi komplex d'Hiérarchie des normes ass. An et kann een net vun enger europäescher Norm schwätzen, et muss e wësse wéi eng. Dir wësst ganz gutt, datt et Direktive gëtt, déi herno an national Législatioune mussen ëmgesat ginn a wou d'Direktiv ganz kloer den nationale Memberstaten d'Méiglechkeet gëtt, fir op déi eng oder aner Aart a Weis, esou oder anescht, auszeleeën. Dofir kann een net allgemeng vun enger Réglementatioun schwätzen. Dat ass eng Directive-cadre, mä d'national Staten hu ganz wuel d'Méiglechkeet op verschiddenen Elementer hiren nationale Bedürfnisser Rechnung ze droen. Dofir ee Service universel.

Den Här Lamy huet an deene leschten Deeg iwwerall am Parlament an iwwerall wou e Stellung geholl huet gesot, datt déi Législatioun, déi um europäesche Plang ass, net verhënnert, datt e Land de Service universel bei sech weiderhin definéiert, sou wéi et dat ebe fir richteg fënnt. Dat do ass eppes wat verlaangt, datt ee wierklech an den Detail geet, a mir wäerten dofir suergen datt am Kader vu Verhandlungen, déi de Moment net ofgeschloss sinn a wou och d'Definitioun fir de Kader nach net festgeluecht ass, Rechnung gedroe gëtt wat d'national Konditiounen - dat ass evident - an d'sozial Konditiounen ubelaangt, déi ëmmer musse respektéiert ginn, egal vu wou de Service geleescht gëtt, well soss wiere mer jo an engem sozialen Dumping oder an engem legislativen Dumping, deen natierlech net akzeptabel kënnt sinn.

**M. le Président**.- Madame Minister, den Här Huss wëllt och nach eng Fro stellen.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG).*- Madame Ministesch, Dir sidd kuerz agaangen op d'Fro vun enger Impaktstudie, enger Evaluatioun vun de bisherige Resultater vun der Liberaliséierung, an Dir hutt och dat Wuert Moratoire gebraucht, wat an eiser Motioun erëmkënnt an deen iwwregens jo och gefuerdert gëtt vu Gewerkschaften, vun ONGen an esou virun.



E Moratoire gëtt jo gefuerdert vu Leit, déi sech veronséchert fille par rapport zu enger Situatioun, wou se mengen datt hannert de Kulissen ze vill operéiert gëtt an datt se géifen iwwert den Dësch gezu ginn. Dofir eis Fuerderung eng Denkpaus ze maachen, fir ze kucken datt een net iwwerstierzt handelt. Dat ass jo prezis.

Da war am Vertrag selwer an zu Doha ganz kloer gesot ginn, ier et zu enger neier Ronn géif komme vu Liberaliséierung misst fir d'éischt déi Evaluatioun gemaach ginn, um Dësch leien an diskutéiert ginn, an dann eréischt, dat ware besonnesch d'Wënsch vun allen Drëttweltlänner, dierft viru liberaliséiert ginn.

Elo sot Dir hei, d'Kommissioun huet eppes esou ugefaangen ze maachen, also eng Impaktstudie. Mech géing interesséieren, wéini déi Impaktstudie fäerdeg ass an ob dat eng Diskussioun ersetzt? An ob eréischt duerno dann effektiv nach ugefaange gëtt weider ze liberaliséieren, wann et erwënscht ass? Et ass eng wichteg Saach, datt déi Evaluatioun do op eng seriö Aart a Weis gemaach gëtt, ier een iwwerstierzt viru liberaliséiert.

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Also vun Iwwerstierzung an deem Dossier hei gesinn ech näischt. Ech gesi just de Contraire. Ech gesi just, datt et fuerchtbar schleeft an, wéi gesot, den allgemengen Intérêt ass, datt een zu Regele kënnt ënnert deenen den Handel sech mécht. Well et ass jo net datt den Handel géif ophalen, wann net hei géif weider diskutéiert ginn. D'Welt bleift jo net stoen. Et geet permanent weider.

Ech wëll elo net an eng Diskussioun antrieden, besonnesch an dëse Momenter wou mer genuch Konflikter hunn, mä permanent gi bilateral Accordë vu grousse Länner mat méi klenge Länner ofgeschloss. Dat ass fir eis net onbedéngt dee richtege Wee. Mir ënnerstëtzen effektiv e multilaterale Wee, an deen ass eben an dësem Fall d'OMC. Firwat? Well dat méi Garantië gëtt, besonnesch fir déi schwaach Partner. Dofir d'accord fir déi Etüd. Ech kann Iech, éierlech gesot, elo net soe wéini datt se fäerdeg ass. Ech froen dat awer gär, well ech fannen et och logesch, wann een eng mécht, da soll se do sinn an där Zäit wou se kann notzen. Mä de Fait, datt soll opgehale gi mat schaffen an datt soll opgehale gi mat no Léisungen an no Konsens sichen, ech mengen dat wier wierklech e falschen a kee gudde Signal fir kee vun deene Partner hei an der OMC, an dofir kann ech et och net ënnerstëtzen.

Ech wollt elo awer ee Wuert zu de Motioune soen. Dir hutt de Muere festgestallt, an ech mengen zu Recht, datt vläicht d'Preparatioun hätt kënne méi intensiv sinn. Ech wëll just soen, ech hunn nach ni enger Invitatioun vun der Chamber net Rechnung gedroen, dofir…

***(Interruption)***

Ech weess, dofir wëll ech nëmme soen, da kommt maacht Dir de Mueren dee Feeler net nach eng Kéier a kommt mer maachen déi sechs Motiounen nei, kommt mer gi se an d'Kommissioun.

***(Interruption)***

Ech wëll awer net soen, datt se doduerch ugeholl sinn, well et sinn der vill derbei déi einfach net akzeptabel sinn. Mä op déi Manéier hei, fir se elo iwwert de Knéi ze briechen, dat ass vläicht dann och net déi richteg Manéier.

**M. le Président**.- Den Här Urbany wollt nach eng Fro stellen, Madame Minister.

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Ech sinn an den Hänn vun der Chamber a gäre bereet op all eenzel Motioun elo anzegoen an Iech ze soen, wat ech dovun halen.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Här President, ech hunn och nach eng Fro un d'Madame Minister, wat de Problem vum Waasser ugeet.

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Et wier wierklech gutt gewiescht wa mer an enger Kommissiounssitzung gewiescht wieren, well ech komme mer vir wéi wann ech hei an enger Kommissiounssitzung wier.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Ech hunn e ganz konkrete Problem wat de Komplex vum Waasser betrëfft. Do intriguéiert mech just eppes. Dat ass deen Hin an Hier, wou een net richteg weess: Ass d'Waasser dann elo mat dran oder net?

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Neen.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Op eng Fro vum Här Fayot, hutt Dir gesot neen. Dir hutt et hei nach eng Kéier bekräftegt. Wann ech awer kucken, déi Dokumentatioun déi mer gëschter vun Ärem Ministère kritt hunn, wou dra steet wat fir Secteuren net an der Offer dra si vun der Kommissioun, do gesinn ech d'Gesondheet a sozial Servicer, audiovisuell Servicer an den Educationssecteur. Do steet d'Waasser awer net dran, an dat bestätegt mech awer éischter an där Befiirchtung déi ech hunn, well ech hunn héieren, den Här Lamy hätt déi lescht Deeg Äusserunge gemaach an déi Richtung, wéi wann d'Waasser onbedéngt misst mat verhandelt ginn.

D'Waasser ass jo e wichtege Secteur. Et ass och e Secteur deen d'Gemenge ganz staark interesséiert. Et ass e Service deen de Moment gutt fonctionnéiert an eise Gemengen, an do wollt ech froen: Wat hätt dat do fir Konsequenzen? Mir wëssen, dass et europäesch Gruppe gëtt, déi interesséiert sinn an der Drëtter Welt op deem Terrain ze operéieren. Mä ech hunn, well verschidde Saache si jo effektiv veröffentlecht um Site vun der europäescher Kommissioun, an enger Zesummefaassung vun deenen Demanden, déi un d'Europäesch Unioun gemaach gi sin, och gelies, dass eng Demande gemaach gi wier fir eng Fourniture transfrontalière de captage, de purification et d'adduction d'eau.

Vu dass hei ni dra steet ëm wat et do ganz genau geet, wollt ech froen: Ëm wat fir eng Demande handelt et sech do ganz konkret a wat hätt dat fir Folgen op d'Waasser zu Lëtzebuerg? Ech ginn iergendwéi d'Gefill net lass, wéi wann iwwert de Wee vun der OMC d'Liberaliséierung vum Waasser, déi politesch an Europa am Moment net duerchzesetzen ass, awer erëm sollt iwwert deen Ëmwee erëm agefouert ginn.

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här Urbany, ech soen Iech et nach eng Kéier an Dir kënnt mer et gleewen - Dir musst net, mä Dir kënnt awer: Ech kann Iech garantéieren, datt duerch d'Offer vun der Kommissioun a kenger Hisiicht gefrot gëtt eis Waasserdistributioun opzemaachen. Ech kann Iech garantéieren, datt eis Regierung och ni an nimmer domadder d'accord wier.

Ech hu virdru versicht Iech ze erklären, wéi d'OMC a wéi déi Verhandlungen organiséiert sinn a wéi se lafen. Dat heescht et kommen am Kader vun der OMC eng Hellewull, ech weess elo net genau d'Zuel, mä awer doudsécher dausenden, zechdausenden Offere vun deenen 145 Membere vun der OMC, an do kënnen esou Saachen derbäi sinn, an do kënnen anerer derbäi sinn. Dat heescht dann awer net, datt déi an d'Offer vun eis erakommen.

**M. le Président**.- Dir kënnt lech berouegen, et sinn der fënnef drop.

**M. Lucien Clement** *(CSV).*- E weidere Grond fir déi ugespaante Situatioun um Wunnengsmaart läit mat Sécherheet och an der Schwéierfällegkeet vun deenen administrative Bauprozeduren, déi mer hunn. Dës Prozeduren dauere vill ze laang a verzögere soumat och vill Bauprojeten. E grousse Problem läit mat Sécherheet an der duebler Kompetenz vun dësem Dossier, an der Kompetenz vum Innenministère a selbstverständlech och an där vun de Gemengen.

D'Chambre des Métiers berifft sech hei op eng Etüd vun der Association Luxembourgeoise des Organisateurs de la Construction, ALOC, déi kloer weist, datt d'Problemer um Wunnengsmarché och zu engem Deel vun dëser Schwéierfällegkeet betraff sinn. Wann een dëser Etüd gleewe kann, da wier am Moment eng Bausurface vun ongefeier enger Millioun Metercarré um Instanzewee fir autoriséiert ze ginn. Dat entsprécht 5.000 Appartementer an 800 Eenzelwunnengen. Ech konnt déi Zuelen net iwwerpréiwen, mä wann dës Zuele richteg sinn, werft et mat Sécherheet Froen op. An deem Szenario misst eng Reform vun den administrative Bauprozeduren esou séier wéi nëmme méiglech ëmgesat ginn. An dësem Kontext erwaarden ech mer vill vum Projet de loi iwwert den Aménagement du territoire, dee vum Innenminister ausgeschafft ginn ass. Den Innenminister ass och gëschter op déi Problematik hei an der Froestonn agaangen an en huet de Problem, géif ech soen, richteg erkannt an e wäert deene verschiddene Partner, wéi e gëschter gesot huet hei an der Chamber, och déi néideg Reformvirschléi do maachen.

Schlussendlech kommen ech nach zu engem Punkt, deen d'Kommissioun u sech an hirem Rapport net développéiert huet. Dat ass de fiskaleschen Traitement vum Bauspueren. Hei misst menger Meenung no vläicht nogebessert ginn, fir d'Bauspuere méi interessant ze maachen. Ech sinn enger Erhéijung vum Abattement fiscal ganz positiv agestallt. Am Moment läit den Abattement beim Bauspuere bei 670 Euro fir e Jonggesell. Dat ass, muss ee soen, relativ wéineg. Firwat kann een elo net dëse Betrag erhéijen?

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hei ganz konkret Propositioune gemaach. Si proposéiert 1.500 Euro fir e Jonggesell an 3.000 Euro fir eng Koppel, plus nach eng Kéier 1.500 Euro fir all Kand vun der Koppel.

Eng weider Méiglechkeet wär vläicht nach fir e gesetzleche Kader fir e Fonds d'investissement immobilier ze schafen, wou den Investisseur e gewëssene Betrag vun der Steier ofsetze kann. Laut mengen Informatioune sollen esou Immobiliefongen an Däitschland fonctionnéieren an emol guer net schlecht.

Dat waren, Här President, e puer Virschléi, déi ech nach zu dësem Rapport wollt maachen, a mengem eegenen Numm an am Numm vun der CSV.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Merci Här Clement. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mir hunn elo bal zwee Joer intensiv a gutt iwwer d'Problemer vum Wunnengsmaart diskutéiert an et ass richteg - an ech sinn och frou, dass den Norbert Haupert dat gesot huet -, dass et ënner anerem d'Interpellatioun vum 4. Juli 2001, déi eis Fraktioun ugemellt hat, war, déi déi Diskussioun an der Chamberskommissioun an déi déi Orientéierungsdebatt ageleet huet. Ech wëll dem Norbert Haupert fir säi gudden a komplette Rapport félicitéieren an ech wëll dat ënnersträiche wat mäi Virriedner gesot huet, dass dee Geescht an deem hien un déi Diskussioun erugaangen ass, en oppene war. Dat heescht, op fir nei Virschléi an dofir soen ech em merci an ech hoffe mat alle Kolleegen aus der Kommissioun, dass deen oppene Geescht sech net op de Rapport an op d'Kommissioun limitéiert, mä dass deen och an déi praktesch Aarbechte vun der Regierung wäert erafléissen.

Mir hunn an deene leschten 18 Méint eng gutt Bestandsopnam gemaach an d'Fakten iwwert d'Problematik Wunnengsbau, géif ech mengen, leien elo alleguer oder jiddefalls déi meescht, déi mer konnten erfaassen an där gudder Diskussioun mat de Forces vives aus deem dote Beräich, um Dësch a si gräifbar. Mä mir sollen eis awer bei aller Iwwerzeegung, dass mer gutt geschafft hunn, näischt virmaachen. Well während eisen Debatte sinn d'Problemer um Wunnengsmaart net méi kleng ginn; au contraire. D'Situatioun ass op eenzelne Gebidder nach méi schlecht ginn.

Elo mengen der e puer et wär alles net esou schlëmm a weisen drop hin, wat alles gemaach ginn ass. Jo, et ass e ganzen Arsenal vu Moossname komm, mä dat ännert awer näischt drun, datt, och wann d'Situatioun fir vill Leit hei zu Lëtzebuerg net dramatesch ass, d'Situatioun fir déi dramatesch ass, déi duerch d'Netz falen, déi net geholl kréien, an déi vergeblech op Wunnengssich sinn.

D'Baulandpräisser, an deenen zwee Joer wou mer diskutéiert hunn, si weider dramatesch an d'Luucht gaangen, d'Präisser vun de Wunnenge leien op absoluter Recordhéicht, a bei de Loyeren ass et genee datselwecht. Mir erreeche jiddefalls bei de Wunnengen nach ëmmer Recordloyeren an et feele weiderhi ganz vill Wunnenge fir jiddferengem dat Recht op Wunnen ze garantéieren.

Mir hunn et fäerdeg bruecht, aus dem Wunnengsbau e prioritären Thema ze maachen. D'Regierung - an dat ass och richteg - huet eng Rei vu Verbesserungsmoossname virgeluecht, aus deene mir Gesetzer gemaach hunn. Mä dës Moossnamen hunn - an ech soen dat ganz kloer - keen Duerchbroch un der Wunnengsfront bruecht. Et si punktuell Moossnamen, déi mer och begréisst a gestëmmt hunn, mä d'Situatioun huet sech net fundamental geännert, an ech behaapten nach wie vor, datt mer am Moment vläicht en Drëttel vun deem Wee zréck geluecht hunn, dee mer missten zréck leeën, fir datt um Terrain wierklech Wierkung kënnt. Zwar hunn déi Verbesserungen enger Rei vu Leit Erliichterunge bruecht, mä un der beonrouegter Gesamtsituatioun konnte se bis elo näischt Wesentleches änneren.

Op d'Gefor hi mech ze widderhuelen, mir hu jo elo e puermol hei op der Tribün iwwert de Wunnengsbau diskutéiert, sinn déi Moossnamen, déi eis Regierung eis an deene leschte Méint virgeluecht huet, sou eppes wéi e Befreiungsschlag, nodeem - an dat muss ee grad esou feststellen - d'Situatioun an deene leschte Jore verschlof gi war. Verschlof gi war, well mer eis, a well vill Leit sech der Gravitéit vun der Situatioun net bewosst waren. Firwat, mä well mer keng verlässlech Donnéeën iwwert déi Evolutioun haten, a well mer eis duerch gréisstendeels falsch Statistiken an enger Sécherheet gefillt hunn, déi awer net de Realitéiten entsprach huet.

Ech wëll et nach méi kloer soen. Déi heiteg Situatioun ass esou ugespaant, datt et mat enger Plooschter hei a mat enger Plooschter do net méi duergeet. Hallefhäerzeg an isoléiert Moossnamen, sou gutt wéi se och gemengt sinn, a sou positiv wéi se och fir déi Betraffe sinn, verpuffen ouni Wierkung an änneren näischt Fundamentales um Terrain.

Dofir wëll ech drun erënneren, datt eis Fraktioun vun Ufank un ëmmer insistéiert huet, datt mer eng kohärent Approche, net eleng iwwert de Wunnengsbauministère, net eleng iwwer Steiermoossnamen, mä mam private Secteur, mat deene Leit déi um Terrain schaffen, mat de Gemengen an och mat den Investisseure misste maachen, also eng konzertéiert Aktioun. An ech wëll soen datt déi Hearingen, déi mer gemaach hunn, an déi Aarbechten, déi mer an der Kommissioun gemaach hunn, an déi dote Richtung ginn.

Well mer hunn eng vernetzten Approche kritt, mir hunn e ganz kompletten Iwwerbléck kritt, an dofir mengen ech, datt nodeem alles a ganz verständlecher Form, vläicht hei an do nach ze kompletéieren, um Dësch läit, déi nächst Etappe muss sinn, fir eng Mobiliséierung vun deene Kräften ze kréien, déi eis kënnen hëllefen de Wunnengsbauproblem e bësse méi dauerhaft an de Gréff ze kréien; an ech wäert herno dodrop zréck kommen.

Dat sinn e puer Pilieren op déi mer musse setzen, vun dem Awierken op d'Offer, vun dem Awierken op d'Hëllefen, a virun allem mol dat kritescht Hannerfroen iwwert d'Wierksamkeet vun eisen Hëllefen, ob iwwerall do gehollef gëtt wou misst gehollef ginn, an ob net de Mitnahmeeffekt op verschiddene Plaze besteet wou Hëllefen iwwerhaapt net noutwendeg wären, a souguer bal onverschämt ginn; ech kommen herno nach eng Kéier drop zréck.

Zum Beispill - et ass dat Flagrantst - wann een e Revenu vun enger halwer Millioun oder enger Millioun aler Frang de Mount huet an et baut ee sech en Haus vu 40 Milliounen aler Frang oder enger Millioun Euro, an et huet een d'Chance een, zwee oder dräi Kanner ze hunn, da kritt een iwwert d'Bonification d'intérêts bis op e gewëssene Punkt nach gehollef. An ech mengen net, datt een hei am Haus der Meenung ass, datt déi dote Fäll nach staatlech Ënnerstëtzung bräichten.

An op där anerer Säit, um ënneschte Spross vun der Leeder, wann der de Mindestloun, oder de Mindestloun plus 50% hutt, an der huet zwee Kanner, an dir kënnt lech keen Eegenheem leeschten, an dir kritt keng sozial Wunneng, well der op der Waardelëscht op der 875ster Plaz sidd, an der musst op de fräie Maart eng Wunneng fir 30.000 Frang de Mount loune goen, da kritt der u staatlecher Ënnerstëtzung null Frang. Null Frang. Dat heescht deen déckste kann et fäerdeg bréngen, Bonificatiounen ze kréien, an dee ganz ënnen un der Leeder ass, dee just net den RMG kritt, dee kritt vu staatlecher Ënnerstëtzung näischt. Keng Hëllef, keng Allocation de loyer, näischt - an ech kommen nach eng Kéier dodrop zréck -, an et ass dat, wat ech domat mengen, datt mer eis Hëllefe kritesch sollen hannerfroen a kucken, ob se déi Wierkung hunn, déi mer eis vun hinnen erwaarden.

Mir hu bei der Interpellatioun an och bei der Presentatioun vun der Proposition de loi eng ganz Rei vu Propositioune gemaach, wou mer eis erhofft hunn, datt se kéinten eng Verbesserung bréngen. Ech wëll och fairheetshalber soen, datt d'Regierung sech seriö domat ausenaner gesat huet, an eng Rei vun Iwwerleeungen an hir Projete mat iwwerholl huet, awer nëmmen eng Rei vun Iwwerleeungen, an eng Rei vun aneren Iwwerleeunge fale gelooss huet, well se gemengt huet, dat géif vläicht ze wäit goen an och bei eenzelne Moossnamen, wou mir eng besser Kombinatioun vu Belounung a Reaktioun op Feelentwécklunge gesat hätten, just op d'Belounung gesat huet. An ech schwätzen do virun allem vun de steierleche Moossname bei den Terrainsverkeef, wou mer um halwe Wee stoe bliwwe sinn, well mer gesot hunn, mir begënschtegen elo

mol a mer reagéieren net op flagrant Feelentwécklungen; dat maache mer eréischt no 2005, wann dat, wat mer elo wëlles hunn, net direkt gewierkt huet.

Ech mengen, Här Minister, an dat iwwerrascht Iech net, datt, wa mer effikass hätte wëlle schaffen, mer déi zwou Moossname mateneen hätte solle kombinéieren an datt mer se, wourop mer nach zréck kommen, mat engem Droit de préemption fir d'öffentlech Hand hätte kënne verbannen, da wär nämlech sécher gestallt ginn, datt mer un déi Baulandreserve komm wären, déi mer eis alleguer wënschen, mä wou mer eis am Moment nëmmen zum Deel d'Mëttele ginn, fir se ze erreechen.

Ech wëll soen datt de Problem richteg erkannt ginn ass - an dat geet och wéi e roude Fuedem duerch de Rapport. Mir kennen an erkennen elo déi meescht Facettë vun dem Problem, mä heiansdo - an dat ass vläicht eng Kritik, Här Haupert, net un Iech, mä u Chifferen déi am Rapport stinn - widderhuele mer nach Chifferen déi vun der Realitéit widderluecht sinn a wou mer nach keng besser hunn, well den Observatiounszenter oder dee Service, dee fir fiabel Statistike soll suergen, nach net sou operationell ass wéi mer dat wënschen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Well da liese mer zum Beispill am Rapport no der Orientéierungsdiskussioun an der Chamberskommissioun, datt am Joer 2000 den Duerchschnëttspräis vun de Bauplazen hei am Land bei 13.249 Euro loung, dat si ronn 520.000 aler Lëtzebuerger Frang. Ech widderhuelen dat well et bei deene leschten Débaten sou schéi war. Wann Dir mer sot wou déi Duerchschnëttsbauplazen do leien - ech kréie vläicht e puer Suen zesummegekratzt, fir se selwer ze kafen. Mä d'Gemeng Diddeleng an all déi aner Gemenge géifen d'Bauplazen zu deem dote Präis kafen; wa se da jee géife reell existéieren. An ech behaapten hei datt se reell net existéierend sinn, déi eenzeg Chifferen déi an där Statistik eenegermoosse realistesch sinn, dat sinn déi iwwert d'Stad Lëtzebuerg, well do Spëtzten ausgewise si vun zwou an eng hallef Milliounen - den Här Meyers weess awer genee, datt dat keng Spëtzte sinn, mä datt dat d'Norm ass - an datt bei deenen zwou an eng hallef Milliounen an eenzelne Quartieren nach puer zerquetschten Euroen drop geluecht ginn, da si mer méi no bei der Realitéit.

Dann, well et esou pikant ass fir d'Leit, déi jo wësse wat um Terrain lass ass: D'Duerchschnëttsbauplaz zu Esch - dat geet aus dem Rapport eraus - huet 2000 560.000 Lëtzebuerger Frang oder 14.300 Euro kascht. Schued dass de Statsminister net do ass, well dee wär och iwwerrascht fir ze wësse wéi vill d'Duerchschnëttsplaz op der Kap kascht. Op der Kap läit se bäi 500.000 ale Lëtzebuerger Frang. A Lëtzebuerg Land läit den Duerchschnëtt bei 500.000 ale Lëtzebuerger Frang, ëmmer nach no där Statistik, déi mer am Rapport veröffentlecht hunn.

Wann een esou Statistiken huet, da muss ee mengen et géif kee Problem hei zu Lëtzebuerg ginn, mä déi dote Statistike sinn archifalsch, waren archifalsch a bleiwen et. Ech hu mer d'Méi gemaach fir op enger Rei vu Stéchprouwen nozesiche wéi dann déi reell existéierend Präisser iwwer Land sinn. Et wäert Iech net wonneren, dass ech bei menger eegener Gemeng ufänken. Do huet een 2000 nach eng Bauplaz kritt fir 800.000 Frang. 2002 muss een 200.000 Frang mindestens drop bliederen, fir iwwerhaapt nach eng ze kréien. Ech hunn zu Walfer…

***(Interruption)***

Gedëllegt Iech nach e bëssen, ech hunn Är Gemeng och dobäi.

Zu Walfer ass 2000 nach eng Bauplaz fir 1.000.000 ze kréie gewiescht. D'Spëtzt lung 2002 bäi 1,9 Millioune Frang. Zu Käerjeng war 2000 nach eng Bauplaz fir 600.000 Frang ze kréien. 2002 lung d'Spëtzt bäi 1,2 Millioune Frang. Ech kann déi Beispiller beliebeg fortsetzen. Ech hunn hei eng Lëscht an op där Lëscht - an op Éiren a Gewëssen: dat si reell existéierend Chifferen - hunn ech just eng Uertschaft fonnt, wou den Arpräis nach ënnert der aler Millioun louch an dat war zu Mühlendorf.

***(Interruptions)***

All déi aner louchen iwwert der Milliount: bei 1,1, 1,2 bis zu 2,5; den absolute Maximum louch bei 2,8 Millioune Frang.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deene leschten zéng Joer sinn d'Baulandpräisser hei zu Lëtzebuerg ëm dat Zweefacht oder Dräifacht an d'Luucht gaangen. Wat da besonnesch geckeg ass, dat ass, dass wann een 300 Meter iwwert d'Grenz geet, a Frankräich, d'Belsch an och zum Deel an Däitschland, da sinn déi Baulandpräisser fënnefmol, mat Spëtzte bis zu zéngmol méi bëlleg wéi bei eis. Et brauch ee just 300 Meter iwwert d'Grenz ze goen. Bei den Haiser...

***(Interruption)***

Dat ass an der Rei, mä mir vergläichen hei Terrain mat Terrain, Wiss mat Wiss an net Taxë mat Taxen. Da komme mer op en anere Punkt, mä eng Wiss ass eng Wiss, ob et eng franséisch, eng däitsch, eng belsch oder eng lëtzebuergesch ass.

***(Brouhaha général)***

**Une voix**.- Gitt Dir da riwwer wunnen, sot?

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Dat géif Iech esou passen!

**La même voix**.- Majo sécher.

***(Hilarité)***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Här Minister, ech mengen do kann ech am Numm vum Alex Bodry matschwätzen an och vum Zanussi's Marc: Et gefält eis zu Diddeleng ganz gutt a mir wäerten och net do ewech plënneren, obwuel och op anere Plaze ganz sympathesch Leit wunnen. Op der Tribün sëtzt och een, dee weess wéi schéin et zu Diddeleng ass.

***(Interruption)***

Ma Dir hutt mech ënnerbrach.

***(Interruptions)***

**M. le Président**.- Fuert weider, Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Här President, bei den Haiser ass d'Evolutioun eng ähnlech.

***(Interruptions)***

Virun zéng Joer war en Eefamilljenhaus hei nach ze kréie fir 6 bis 7 Milliounen. An der Zwëschenzäit leien d'Präisser vun Eefamilljenhaiser net méi ënner zéng Milliounen, mat Spëtzte vun iwwer 15 Milliounen. Wann een d'Präisser um Cents als Beispill hëlt, wat kee Luxusquartier war, mä wat e Quartier war, wou de Gros vun de Leit mat bescheidenen Akommesse gebaut hunn, do ass de Präis an der Zwëschenzäit mol zéng an d'Luucht gaang. Net bei deenen, déi nach ënnert d'Konditioun fale vun deenen zéng Joer, mä bei deenen, déi am fräie Verkaf sinn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Fir d'Situatioun ze ergänze muss ee soen, dass an der Zwëschenzäit Dausende vu Wunnengen zu fairë Präisser feelen. Dat gëllt fir d'Logements en propriété grad esou gutt wéi fir d'Logements locatifs, ouni elo emol dovun ze schwätzen - an dat ass ee Volet, Här Haupert, dee mer am Rapport net erwähnt hunn -, fir d'Situatioun ganz ënnen un der Leeder ze analyséieren: d'Opfangwunnengen, d'Schlofhändler an esou weider, wat och e Problem ass, deen zwar net direkt ënnert d'Kompetenz vum Ministère du Logement fält, mä awer trotzdeem existéiert, ganz ze schweige vun der Problematik vun de Sans-abri.

Mir sinn also konfrontéiert mat enger Explosioun vun de Baulandpräisser a mir kënnen nëmmen e Resultat opgrond vun där Situatioun kréien, wa mer eng ganz Rei vu Moossname gläichzäiteg ergräifen. Nëmmen da kënne mer d'Präisser an de Grëff kréien.

Ech zielen se am Telegrammstil op. Mir mussen Terrainen op de Maart kréien. Mir brauche Baulandreserven an öffentlecher Hand. Fir déi ze kréie brauche mer den Droit de préemption, dee sech am Rapport zwar e bësse méi zaghaft, mä ëmmerhin awer erëmfënnt. Mir brauche Fördermoossname fir de Verkaf vun erschléissbarem Land am Perimeter, mä net nëmme Fördermoossnamen, mä och Moossname fir ze reagéieren, wa spekulativ Elementer dobäikommen. Mir brauchen e wuel verstanent Baugebot. Mir brauchen e systematesche Réckgrëff op d'Emphytéose, well iwwert d'Emphytéose kann een iwwer laang Zäit en Terrain zur Verfügung stellen, wou de Baulandpräis net an d'Gewiicht fält.

Mer brauche raumspuerend Bauformen, well mer aneschters mat deem wäertvolle Gutt, wat d'Bauland ass, ëmgoe mussen. Mir kënnen net zouloossen, dass et weider verbëtzt gëtt. Deem musse mer bei der Planung, bei den Autorisatiounen a virun allem och bei der Subventionéierung Rechnung droen. Nëmme wann déi dräi Elementer do erëm zesumme gräife kréie mer eng Wierkung.

Dann d'Fro mat där mer eis och laang ausernaner gesat hunn an der Kommissioun: Eegenheem à tout prix oder Mietwunneng? Deen Entweder-oder geet net. Selbstverständlech, wéi dat an der Lëtzebuerger Traditioun de Fall ass, gëtt d'Prioritéit op d'Eegenheem geluecht esou wäit wéi dat méiglech ass, awer et sollen och seriö Efforte beim Mietwunnengsbau gemaach ginn, well d'Eegenheem net à n'importe quel prix promovéiert gi soll, wann ee weess mat wat fir engen Afferen d'Eegenheemuschafung heiansdo verbonnen ass. Zwou bis dräi Generatioune mussen sech alt zesumme doen, fir dass deen, dee baut, déi noutwenneg Mëttelen huet fir d'Bauplaz a virun allem nach dat klengt Haus fir drop sech leeschten ze kënnen.

Mir hunn haut schonn d'Situatioun, dass eenzel Stéit iwwer 20 Joer wäitaus méi wéi d'Halschent vun hirem Revenu mussen ausgi fir sech hiert Eegenheem leeschten ze kënnen, wat ganz kloer e Surendettement ass. Wann ee bei engem Revenu vun 2.500 Euro de Mount der 1.200 de Mount op säi Prêt muss ofbezuelen, da gëtt et enk. Da gëtt et extrem enk.

Dofir d'Kombinatioun vu Förderung vum Eegenheem mat der Förderung vun dem Bau vun erschwéngleche Mietwunnengen, mat der Promotioun vun neie Formele wéi dem Mietkaf, deen d'Eegenheem an d'Mietwunneng matenee verbënnt. Iwwregens eng Form, déi hei zu Lëtzebuerg ni esou richteg Fouss gefaasst huet, déi awer an anere Länner systematesch gebraucht gëtt.

Dann ass richteg drop higewise ginn, dass de Problem, dee mer den Ament um Wunnengsmaart hunn, mat enger Rei vu Blocagen an der Praxis verbonnen ass. Deen éischte Blocage ass um administrative Plan ze sichen. Här Minister, Dir wësst dat. Bei de Genehmegungsprozeduren hu mer virun e puer Joer vum neien dynameschen Innenminister versprach kritt, dass déi Prozedure géife verkierzt ginn an dass hien alles maache géif, fir dass exzessiv Daueren net méi géife virkommen. Haut stelle mer fest, dass d'Délaien net…

***(Interruption)***

Dir hutt et gesot, Här Lux, Dir gesitt et aus der Praxis. D'Délaie sinn net méi kuerz ginn, mä si si méi laang ginn. D'PAGe si jorelaang an der Prozedur, d'Lotissementspläng si laang, ze laang an der Prozedur, wa se dann endlech aus där anerer Prozedur, der Gemengeprozedur, eraus komm sinn, wann d'Gemeng sech duerchgerongen huet fir deen doten oder deen anere Lotissement ze genehmegen.

Da si mer beim zweete Punkt vum Blocage, deen ëmmer vum Minister an d'Vitrine gestallt gëtt, an och vun der Regierung an d'Vitrine gestallt gëtt, de Blocage bei de Gemengen. Ech bestreiden net, dass d'Gemenge ganz virsichteg sinn ier se de feux vert gi fir nei Lotissementer a fir eng grouss Expansioun vun hirem Gebitt. Ganz einfach, well déi meescht, net all, net à même si fir dauerhaft d'Folgekäschte vun engem schnelle Wuesstum ze droen. An déi doten Iwwerleeunge sinn net nei. Wat nei ass, dat ass, dass se ufänke Gehéier ze kréien, well se déi doten Argumenter an der Zwëschenzäit a Rapporten erëmfannen, well Ministere soen, et misst ee jo mat de Gemenge schwätzen, an et misst ee mat de Gemengen Accorde fannen. Et ass zwar gutt dass ee Gehéier fënnt, et ass och gutt, wann ee prinzipiell Iwwerleeungen an déi dote Richtung mécht, mä et muss awer ënnert dem Stréch och eppes erauskommen.

Ganz kuerz nach eng Kéier déi Evolutioun an deem doten Dossier. Mir hate gemengt, 2001 beim Etat de la Nation hätte mer en Duerchbroch, well do de Premierminister héchstperséinlech gesot huet, déi Gemengen, déi wuessen, musse gehollef kréie bei den Infrastrukturen, mussen zolitt gehollef kréien, an ech engagéiere mech, dass dat dote geschitt. En huet dat fir all Gemenge gemengt, déi wuessen.

Dat Joer drop huet deeselwechte Statsminister op dëser Tribün gesot, dat d'lescht Joer, dat war net esou gemengt. Dat geet net esou, well d'Situatioun vun de Gemenge finanziell ënnerschiddlech ass. Ech hunn elo dem Wunnengsbauminister den Optrag ginn, fir mat eenzelne Gemenge Wunnengsbaupläng oder Entwécklungspläng auszeschaffen. An hei op der Tribün ass gesot ginn, den Innenminister huet scho mat enger Rei vu Gemenge verhandelt, fir esou Wunnentwécklungspläng ze maachen.

Ech hunn deemools hei gesot: Ech verstinn net mat wat fir enge Gemengen e soll geschwat hunn, well mir wëssen näischt dovun. Mir wësse weder am SYVICOL eppes dovun, nach wëssen déi grouss Gemengen, déi hei vertruede sinn, zwar net als Gemengen, mä wou mer eng Responsabilitéit an deene Gemengen hunn, eppes dovun.

Elo liesen ech dann dem Norbert Haupert säi ganz gudde Rapport, an do steet dran, den Innenminister huet an deene leschte Méint scho mat enger ganzer Rei vu Gemenge verhandelt, fir Wunnentwécklungspläng opzestellen. Abbee, Här Rapporteur, ech däerf mech jo un den Här Rapporteur wenden, fir dass en herno d'Geleeënheet kritt …

**M. le Président**.- Dir sollt lech un d'Chamber wenden.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Also da Chamber, w.e.g. an Här Minister, wann esou Diskussioune stattfonnt hunn iwwer Wunnentwécklungspläng, sot eis w.e.g. mat wat fir enge Gemengen dat geschitt ass? Sot eis w.e.g. wat déi Konditioune sinn, déi de Gemenge gebuede gi sinn. Sot eis w.e.g. wat den Inhalt ass vun deenen doten Accorden, a sot eis w.e.g., ob et offe Verhandlunge solle sinn, déi mer alleguer solle gewuer ginn, oder ob et Geheimverhandlunge si mat enger Rei vu Gemengen, déi dem Minister oder de Ministeren e bësse méi genehm sin wéi aner Gemengen.

***(Interruptions diverses)***

Neen, ech hunn héieren dass Verhandlunge gefouert gi sinn iwwer nei Konditioune fir d'Folgekäschte vum Wunnengsbau opzefänken. Dat steet net am Plan-directeur, et deet mer Leed. Ech kennen de Plan-directeur zumindest grad esou gutt wéi Dir, an do steet näischt doriwwer. Do steet iwwer Entwécklungspolen, mä da muss awer och nach mat deene geschwat ginn. An do ass „motus" näischt, keng Diskussiounen, déi gefouert gi sinn.

D'Konklusioun dozou, wann de Blocage bei de Gemengen, an dat ass e reelle Problem, awer net well d'Gemengen net wëllen, mä well se ganz oft net kënnen, wann dee soll gehuewe ginn, ma da macht en Accord w.e.g. mat de Gemengen iwwert d'Folgekäschten, net déi just vu muer a vun iwwermuer, mä déi, déi och hannendru kommen, déi de Gemengen et erlaben, fir d'Chargen ze droen. A sot mer w.e.g. elo net, Här Minister, dass d'Regierung décidéiert hätt fir de Gemengen an Zukunft mindestens 25% bei de Schoulbauten ze ginn, well Dir als fréieren Educatiounsminister wësst genee, dass déi 25% keng 25% sinn; dat sinn der nämlech nëmmen zéng. Well déi Schoulen, wéi d'Regierung se baut, dat sinn nëmme Schoulsäll, an do ass näischt aneschters dobäi, keen Haff, keng Gäng, keng Toiletten an näischt, dat sinn déi Schoulen, wéi d'Regierung se baut a wéi se se subventionéiert. W.e.g. och emol eng Kéier eng seriö Definitioun vun deem wat subventionéiert gëtt. A wann ech da ganz aktuell soll bleiwen, eis géif et schonn duergoen, ouni eis elo iwwert d'Privatschoulgesetz auszeschwätzen, wann Der d'Gemengeschoule genee esou géift ënnerstëtze wéi Der an Zukunft wëllt d'Privatschoulen ënnerstëtzen. Dat géing eis schonn duergoen; mir verlaange jo net vill.

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Also, wa mer dat doten ofmaachen, da kritt Dir vill manner!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Oh Dir sidd ee Gudden, Här Minister!

***(Brouhaha général)***

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Ech maachen en Deal mat Iech. Wann d'Gemeng Diddeleng d'accord ass, datselwecht ze kréie wéi déi privat Primärschoulen, da kommt Der kräischen duerno.

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Wann Dir selwer gleeft, dass 80% fir Privatschoulen manner si wéi 5% fir öffentlech Gemengeschoulen, wann Der eeschthaft behaapt, dass 90% vun de Betribskäschte manner si wéi Null Frang vu Betribskäschten fir d'Gemengeschoulen, da si mer an enger anerer Welt.

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Dann hutt Dir de Projet net gelies!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Nach ze gutt, Här Minister! Mä dat ass eng aner Diskussioun. Mir hunn elo just déi Diskussioun iwwert de Subventionnement vu Gemengeschoulen. Déi aner Diskussioun, déi kënnt, déi hutt Dir net als Minister ze droen, och wann ech weess, dass Der ganz frou sidd iwwert deen dote Projet, mä Dir hutt e just net duerchkritt séngerzäit, an dofir huet d'Madame Brasseur misse kommen als liberal

Ministerin fir dat ze maachen, wat Dir an deenen aneren Zäiten net fäerdegbruecht huet. Ech kommen esou lues awer sécher…

**M. le Président**.- ...zum Schluss!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Ah neen, ech hunn nach ganz vill Minutten, Här President.

**M. le Président**.- Oh, ganz vill sinn et der net méi! Dir hutt nach genau fënnef Minutten, déi Der hei uginn hat an Är Partei. Ah, wann Dir déi aner mathuelt, mä Dir hutt lech nëmme mat 35 Minutten ageschriwwen.

***(Interruption)***

Hie provozéiert och, an dofir géing ech lech de Rot ginn, Här Di Bartolomeo, elo haalt Der Är Ried, maacht Ären Exposé, an déi aner sollen nolauschteren an net dauernd ënnerbriechen. Well dat bréngt guer näischt. Mir sinn net klenglech hei, mä et muss ëmmer alles eng Kéier en Enn hunn, an déi Diskussioun hei ass vill zevill seriö, fir do nach de Geck ze maachen a Bemierkungen ze maachen, déi menger Ansicht no net grad ubruecht sinn. Also, Här Di Bartolomeo, fuert elo schéi virun an déi aner sollen nolauschteren an net méi ënnerbriechen!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Merci, Här President, ech wollt och guer net mat lech streiden, well Dir, an ech sinn nach wie vor där Meenung, dee Minister waart, deen et mat de Gemengen am beschte gemengt huet an deen d'Gemengen am beschte kannt huet.

***(Hilarité)***

Ech kommen dann zu deem nächste Punkt, deen extrem wichteg ass. Dat ass dee vun den Hëllefe fir d'Leit, déi sech eng Wunneng solle kënne leeschten, oder sollen eng Mietwunneng kënne kréien. Ech ginn zou, Här Minister, déi Zuelen an déi Bilanen, wat de Stat an deene ville Joren an Hëllefe gestach huet, sinn impressionant. Mä et geet awer net duer, dass ee vill hëlleft, an dass ee vill Milliarden oplëscht, et muss een och op deene richtege Plazen hëllefen, et muss ee schnell hëllefen, an et muss ee virun allem och wierksam hëllefen.

***(Interruptions diverses)***

**M. le Président**.- Ech géing lech och biede roueg ze sinn. Dat zielt hei fir jiddfereen.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).*- Et ass de Minister a seng ganz Fraktioun, déi dauernd hei ënnerbriechen!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Bei der Effikassitéit vun den Hëllefen, bei der Selektivitéit vun den Hëllefen, bei der Wierksamkeet vun den Hëllefen, do ass et wou de Schong dréckt, an et deet mer Leed, dass mer an eiser Orientéierungsdebatt do e bësse schnell driwwer ewechgaange sinn. Et ass nämlech ee vun deene kruziale Punkten, dass mer musse kucken, wéi déi verschidden Hëllefen zesumme wierken. An d'Fro musse mer eis stellen, ob deen, dee gehollef kritt, oder kënnt kréien, sech och d'Haus ka leeschten, oder ob et net oft esou ass, dass deen, dee gehollef géif kréien a maximal Hëllef géif kréien, am Endeffekt dru scheitert, dass en esou eng Niewesaach wéi de Prêt net kritt, well en zwar e Maximum vun Hëllefe géif kréien, mä awer d'Konditiounen net erfëllt, fir e Prêt ze kréien.

An da kommen ech zu där éischter Feststellung: Déi heiteg Primen, Bauprimen, Améliorationsprimë sinn total vum Maart dépasséiert.

Säit 1991 sinn déi Primen - ech schwätzen net vun deenen aneren Hëllefen: vun den Zënssubventiounen, vun de Bonifikatiounen oder vun nach aneren Hëllefen - net méi adaptéiert ginn. Säit 1991 sinn awer d'Terrainspräisser mol zwee oder mol dräi an d'Wunnengspräisser mol zwee evoluéiert. Maacht selwer de Calcul vun der Relatioun tëschent de Primen an de reelle Präisser vun de Wunnengen.

Ech ka mech ganz gutt drun erënneren, dass an de siechzeger an an de siwwenzeger Joren ee Prinzip gegollt huet, dee gesot huet, dass d'Hëllefe vum Stat net 30% vum Gesamtcoût vum Haus iwwerschreiden dierften. Maacht d'Rechnung selwer wéi vill Prozent déi doten Hëllefen haut nach duerstellen. Bei engem Haus, dat 250.000 Euro oder zéng Milliounen aler Frange kascht mécht d'Bäihëllef, d'Prime, maximal 400.000 Frang aus. Da sidd Der awer am Revenu ganz ënnen an Dir hutt eng Zuel vu Kanner, déi ganz uewe läit. Da mécht dat nach just 4% aus. Do sidd Der also nach ganz wäit ewech vun deene maximalen 30% aus de siwwenzeger Joren.

Zweet Feststellung: De Stat ass a senger Appréciatioun vun enger Akommessituatioun absolut widderspréchlech. De Stat qualifizéiert een eng Kéier als ee mat engem décke Revenu an eng aner Kéier als ee mat engem klenge Revenu. Eng Kéier seet hien: „Du hues en niddrege Revenu, da kriss du all Avantagen." Zu deemselwechte Revenu seet hien op enger anerer Plaz: „Däi Revenu ass ze héich, du kriss keng Hëllefen."

Ech explizéiere mech. Wann e Stot keng Steiere méi brauch ze bezuelen, iwwerhaapt keng Steiere méi brauch ze bezuelen, ass dat dann en héije Revenu? Ech mengen net. Dat gëtt als raisonnablen, als normale Revenu ugesinn opgrond vun der heiteger Situatioun. Ass et dann awer normal, dass deeselwechten Haushalt, dee vum Stat gesot kritt: „Däi Revenu ass niddreg genuch, fir dass de keng Steiere méi brauchs ze bezuelen", dass dee Stot vun dem Ministère du Logement oder vun dem Service d'aide au logement oder vun der Bank gesot kritt: „Däi Revenu ass ze héich fir iwwerhaapt nach Hëllefen ze kréien"? Ass dat raisonnabel? Musse mer net e bësse Uerdnung an eisen Tirang bréngen an dofir suergen, dass e Revenu bei de Steieren an e Revenu bei den Hëllefen, wann en d'selwecht héich ass, als d'selwecht qualifizéiert gëtt? Ass dat net eng Evidenz? Et wier eng Evidenz laut menger Iwwerzeegung, mä an der Praxis ass dat net esou.

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Et ass net ganz richteg wat Dir sot, mä Dir wësst dat jo selwer.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).*- Neen, dat ass ganz richteg.

***(Interruption)***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Här Minister, et ass absolut richteg.

***(Interruption)***

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).*- Firwat schwätze mer dann iwwer eng Negativsteier. Dat ass de Fall, well dat de Problem ass.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Här Di Bartolomeo, fir eng Zënsbäihëllef ze kréien, wat däerf eng Famill mat zwee Kanner da verdéngen?

***(Interruption)***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Sot mer!

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Ma ronn 120.000 där aler Frangen, souguer weider. Mussen déi Steiere bezuelen oder mussen déi keng bezuelen?

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Här Minister, ech…

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Mat 120.000 Frang Akommes.

***(Interruptions)***

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).*- Neen, mä dat ass eben dat wat ech lech soen. Mir hunn Exonératiounen op de Steiere gemaach, déi héich sinn, dat ass vläicht luewenswäert, Här Minister, mä mir hunn einfach net déi sozial Niveauen ugepasst un déi Ännerungen, déi mer bei de Steiere gemaach hunn. Duerfir fale Leit zwëschent déi zwee. Si kréien näischt am soziale Beräich a si kréien näischt iwwert d'Steieren. Dat ass jo de Grond firwat mer eng Diskussioun féieren iwwer eng Negativsteier. Et muss net d'Fro si vun enger Negativsteier. Entweder hëlt een déi Moossnamen eriwwer an d'Steieren oder et hëlt een se aus de Steieren eraus eriwwer an d'Sozialhëllefen, mä esou wéi mer et elo maachen, e bëssen op där enger Säit, e bëssen op där anerer Säit, falen esou vill Leit doduerch.

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Mä just déi, déi drënner falen, déi kréien hei ganz vill Bäihëllefen.

***(Interruption)***

Jo, déi kréien se awer hei. Hei gëtt just en Ausgläich gemaach fir déi, déi manner verdéngen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Fuert weider, Här Di Bartolomeo.

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Pardon.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Also wa mer e Schiedsrichter brauchen, da solle mer ee fannen doduerch, dass mer kucke wéi d'Effikassitéit vun den Hëllefen ass a wéi d'Widderspréch bei eisen Hëllefe sinn. Ech mengen dat misst ouni Problemer festzestelle sinn.

***(Interruption)***

Ech wëll net nach eng Kéier dodrop agoe wéi ongerecht eis Bäihëllefe sinn. Zum Beispill kritt een, dee ganz uewen op der Leeder steet, iwwert d'Bonifikatioune gehollef. Op där anerer Säit kritt awer een, dee ganz ënnen ass, wann hie keng Sozialwunneng kritt, beim Loyer iwwerhaapt net gehollef. Do ass d'Differenz, Här Minister, an dat wësst Dir och.

D'Société nationale des habitations à bon marché huet eis eng Kéier an der Kommissioun virgerechnet wéi den Avantage ass zwëschent engem, deen d'Chance huet eng Sozialwunneng ze kréie fir 200 oder 250 Euro, an engem, deen um fräie Maart déiselwecht Wunneng muss loune fir 500, 600 oder 700 Euro. Dat ass eng grouss Differenz - ech kommen herno nach ganz kuerz dorop zréck - an dann ass et fir deejéinegen e moren Trouscht, wann Der zu him sot: „Mir kënnen lech keng Wunnengsbauhëllef ginn. Mir kënnen lech keng Allocation de loyer ginn, well da ginn d'Mieten an d'Luucht." Dat ass en immens moren Trouscht fir deen, well wat huet hien dovun, wann d'Loyeren op deem dote Plang stoe bleiwen an hien huet d'Waasser souwisou scho bis zur Nues stoen.

Dann, Här Minister, wa mer op de Wee gi fir d'Accessioun zum Eegenheem optimal ze ënnerstëtzen, da mengen ech sollte mer konsequent op dee Wee goen, dee mer opgezeechent hunn an deenen Diskussioune virdrun an och an der Kommissioun. Mir sollten deene Leit, déi parfaitement à même si während zéng Joer en héije Loyer ze bezuelen, awer op eemol net méi à même si solle vill méi en niddrege Remboursement op hire Prêt ze maachen, doduerch hëllefen, dass mer hinnen d'Garantie de l'Etat ginn.

Déi Garantie de l'Etat kascht net vill, dat wësst Dir, well si realiséiert sech bal ni, well déi Leit, déi se kréien, se och respektéieren a se net afuerderen. Am leschte Joer war d'Garantie de l'Etat nach wie vor e Geheimtyp. Et hunn 22 Leit se kritt. Et sinn awer bei Honnerte Leit Refuse komm fir Prêten, déi awer elo parfaitement nach hire Loyer weider bezuelen. Wann déi hätte kënne vun der Garantie de l'Etat profitéieren, dann hätten se sech hiert Haus leeschte kënnen. Dofir wann ech glift e bësse manner Rétentioun do. Kommt mir sinn e bësse méi generéis. De Risiko ass bal null, well mir hunn d'Garantie vum Haus a mer hunn d'Garantie vun der Seriositéit vun de Leit.

Ech hunn da mat Interesse an dem Rapport vum Här Haupert och e weidere Geheimtipp gelies, an zwar dass eng Associatioun, déi Chantiers de la fraternité chrétienne heescht, e Subsid kritt vun 2 Millioune fir de Leit Prête kënnen ze ginn, fir dass déi Leit bei der Bank Prête kréien. Dat heescht fir de Leit, déi näischt ugespuert hunn, kënnen e klengt Kapital zoukommen ze loossen ouni Prêt, fir dass se da bei d'Bank kënne goe fir Sue geléint ze kréien. Ech hunn dee Chiffer gekuckt an ech hu festgestallt, Här Minister, dass déi gutt Iddi, déi do promovéiert gëtt, erëm eng Kéier e Geheimtipp ass fir e puer Ageweitener. Ech géif mengen, dass déi gutt Iddi, déi Dir do hutt, an déi Privatinitiativ, déi Dir do ënnerstëtzt, jiddferengem soll zougänglech gemaach ginn, wann Der der Meenung sidd, dass et eng gutt Saach ass.

Dann, an ech kommen elo zur Konklusioun, sollte mer eis bei den Hëllefen eng Rei vun neien Iddien afale loossen, déi net onbedéngt versickeren, mä déi méi staark wéi dat zum Beispill bei de Subventions d'intérêt de Fall ass op d'Réckzuelungsrate vun de Prête wierken, dat heescht, déi mat awierken op den Amortissement. Dat heescht, dass een engem iwwert déi ganz Lafdauer vun engem Prêt gläich bleiwend Aidë géif garantéieren.

Da sollte mer ganz kloer probéieren eng Gerechtegkeet an d'Hëllefen eranzebréngen, dat heescht d'Hëllefe fir déi, déi sech en Eegenheem leeschte kënnen, an Accord ze brénge mat den Hëllefe fir déi, déi op eng Mietwunneng ugewise sinn. Ech hu virdru schonn eng Rei vu Beispiller ginn.

Dofir wëll ech dann och nach eng Kéier de Minister iwwer eppes befroen, wat als eng gutt Iddi a sengem Projet de loi dra stung, woumat een deene Locatairen um private Marché hëllefe kann, mä déi sech awer bis elo nach net materialiséiert huet. Ech schwätze vun der Caution locative. Déi lescht Sëtzung vun deem Groupe de travail ass virun engem Joer gewiescht an de Projet de règlement ass nach ëmmer…

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Dir sot Saachen, déi net richteg sinn. Gëschter war nach eng Sëtzung!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Ah, no engem Joer, Här Minister!

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Just Dir sidd net dobäi.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Ma jo dach, meng Leit sinn dobäi.

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Gëschter war nach eng.

**M. Lucien Lux** *(LSAP).*- Jo, an déi virdrun?

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Déi virdru war virun engem Joer.

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Déi war 14 Deeg virdrun.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Wéi laang hutt Der déi dote Kommissioun en veilleuse gelooss, Här Minister?

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Bei deem Groupe de travail do ass de Familljeministère an de Logementsministère federführend an déi tage permanent a se kucken do eng Solutioun ze fannen, fir dass déi Leit ënner gudde Konditiounen déi Kautioun kréie kënnen.

***(Interruption)***

Jo, dat ass awer esou.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Här Minister, Dir hutt virun enger Rei vu Méint de Projet gestëmmt. Et misst elo dra sinn, besonnesch well d'Gemengen och zougesot hunn, dass se lech hëllefen an eenzelner schonn déi Caution locative ausbezuelen, dass mer dat doten…

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Ma mir schaffen do permanent drun.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- …endlech op d'Schinne bréngen.

Bei der Gläichstellung vun den Hëllefe wäert et lech net iwwerraschen, dass mer der Meenung sinn, an den Här Haupert huet dat och gesot, dass mer eis déi sozial Mietwunnenge gi mussen, déi mer brauchen, fir der Zuel u Leit Rechnung ze droen, déi sech keng deier Mietwunneng leeschte kënnen. Dass dat awer laang dauert wësse mer. En attendant musse mer dann dofir suergen, dass esou eppes geschafe gëtt wéi de Mietzuschuss. D'Regierung ass dogéint, mä domat ass d'Regierung relativ eleng esou wéi mat hirem Raisonnement, deen ech net deele kann. Beim Mietzuschuss seet d'Regierung op eemol: Mir kënne kee Mietzuschuss schafen, well dann de Loyer an d'Luucht geet.

Wa mer logesch mat eis wären, da misste mer och d'Primen ofschafen, well duerch d'Primë ginn d'Präisser vun de Wunnengen an d'Luucht a ginn d'Präisser vun de Bauplazen an d'Luucht. Här Minister, wa mer also wëllen hëllefen, da loosse mer eis eng afalen, wou mer de Mietzuschuss kënne verhënneren an dat geet zum Beispill iwwert de Wee, deen eis d'Wunnengshëllef virgezeechent huet, de Wee, deen eis Agence sociale immobilière virgezunn hunn.

Eng lescht Fuerderung ier ech lech d'Motiounen déposéieren ass déi, dass, wa mer wëlle gutt an effikass hëllefen, da musse mer schnell hëllefen. An der Zwëschenzäit ass et esou, dass eis Services d'aide au logement iwwerlaascht sinn, an dass et heiansdo laang dauert bis dass déi Hëllefe fléissen. Dofir d'Propositioun, an dat misst och an Ärem Sënn sinn, am Sënn vun enger gudder Réforme administrative: Kommt mer probéieren déi Servicer vun den Aides au logement ze dezentraliséieren. Mer bréngen se an d'Regioun. Mer bréngen se bei d'Leit, amplaz dass mer d'Leit aus deem ganze Land an d'Stad erop schleefen a mer ginn hinnen dat Personal, dat se brauche fir kënne gutt ze schaffen.

***Motion 6***

*La Chambre des Députés,*

*- estimant qu'une information complète sur toutes les aides étatiques, les subsides, les subventions et bonifications est indispensable afin*

*de permettre au plus grand nombre de personnes possible de bénéficier des avantages liés au logement;*

*- considérant que cette information ne peut être garantie que si elle est accessible et proche des bénéficiaires susceptibles;*

*- notant que les services d'aide au logement sont actuellement concentrés dans la Ville de Luxembourg;*

*- estimant que la décentralisation des services publics correspond parfaitement à une réforme administrative efficace;*

*invite le Gouvernement*

*- à prévoir l'instauration de bureaux d'information en matière de logements (et autre) dans les différentes régions du pays;*

*- à doter les services d'aide au logement du personnel nécessaire permettant de liquider les aides dans des délais raisonnables.*

*(s.) Mars Di Bartolomeo, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer, Marc Zanussi.*

Dann hunn ech nach eng Fro op déi Dir mir bestëmmt äntwerte kënnt: Déi Allocatioun fir d'Spuere bei den Nouveau-nés bis zu sechs Joer ze ënnerstëtzen, wou ass déi drun? Sidd Dir Iech am Moment schonn eens iwwert d'Kritären? Et schéngt net esou einfach ze sinn.

Da presentéiere mer eng Resolutioun, eng Resolutioun mat där hoffentlech d'Chamber d'accord ass, well an där Resolutioun steet weider näischt wéi dass mer Enn 2004, wa mer eis konsequent sinn als Chamber, well mer en Orientéierungsdébat gemaach hunn, de Bilan zéie vun deem wat mir proposéiert hunn a wat an der Praxis geschitt ass. Wéi gesot Enn 2004, ech wëll et net an de Wahlkampf era bréngen, mä zu engem spéideren Zäitpunkt, also no de Wahlen.

***Résolution 1***

*La Chambre des Députés,*

*- saluant que sur son initiative un débat d'orientation sur la problématique du logement a pu avoir lieu en date du 19 mars 2003;*

*- estimant que la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement a analysé en détail les problèmes liés à la politique du logement et a défini une multitude de lignes à suivre;*

*- notant que le débat a pu dégager bon nombre de mesures;*

*- considérant qu'il est opportun de suivre étroitement l'évolution du marché du logement et d'évaluer les efforts entamés;*

*décide*

*- de dresser un bilan de la situation du marché du logement avant la fin de l'année 2004.*

*(s.) Mars Di Bartolomeo, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer, Marc Zanussi.*

Déi zweet Motioun explizéiert dat, wat mer virdrun analyséiert hunn, dat heescht d'Effikassitéit vun den Hëllefen an d'Propositioun fir dat ze maachen, wat schonn an der Proposition de loi war, mä wat awer anscheinend net dee richtege Wee war fir d'Plafonds de revenu massiv ze héijen an d'Primë massiv ze héijen.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la pénurie de logements à prix abordables;*

*- sachant que bon nombre de personnes ne sont plus en mesure d'acquérir un logement en propriété;*

*- constatant que depuis l'année 1991, ni le cercle des bénéficiaires des primes d'acquisition, de construction ou de rénovation, ni le montant des primes n'ont pu suivre l'évolution des prix du marché, ce que le Gouvernement a confirmé dans le „Programme d'action Logement";*

*- constatant que le cercle des bénéficiaires de ces primes devrait être étendu en direction des personnes à revenu moyen;*

*- considérant ainsi la nécessité d'augmenter le montant des primes étatiques, ainsi que les revenus-plafonds pour l'octroi;*

*- considérant la proposition de loi 4908 portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement, qui entend procéder à une amélioration des aides au logement en faveur des ménages pour la construction, l'acquisition et la rénovation;*

*- considérant que l'augmentation des plafonds de revenu pour l'octroi des aides devrait être de 50% et celle des montants des aides en capital de 25%;*

*- considérant la prise de position du Gouvernement estimant que «L'introduction de ces mesures ne demande aucune intervention du législateur, sauf en ce qui concerne la prise en compte du degré d'utilisation du sol, étant donné que la loi de 1979 a réservé cette faculté au seul pouvoir exécutif (...)»,*

*- constatant par ailleurs, les dispositions de la Déclaration gouvernementale du 12 août 1999 qui stipulent que « (...) le gouvernement poursuivra les initiatives étatiques en matière d'accession des particuliers à la propriété, en maintenant les différents moyens d'aide existants et en rendant leur affectation plus judicieuse. (...) En plus, les intérêts dégressifs seront remplacés par une aide en mensualité à montant variable. »;*

*invite le Gouvernement*

*- à analyser l'efficacité des aides étatiques existantes et à déposer jusqu'au mois de septembre 2003 un projet de règlement grand-ducal, retenant les augmentations prévues dans la proposition de loi 4908 développées ci-dessus et permettant une amélioration sélective des aides au remboursement des prêts hypothécaires.*

*(s.) Mars Di Bartolomeo, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer, Marc Zanussi.*

Déi drëtt Motioun setzt sech dofir an, dass mer an eenzelne Fäll bei der Garantie locative oder bei der Garantie de l'Etat kënne bis op 100% vun de Prête goen.

***Motion 4***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les objectifs de la loi du 25 février 1979 concernant l'aide au logement, à savoir « promouvoir l'accession à la propriété immobilière des personnes à revenu modeste, la viabilisation régulière de terrains à bâtir, la construction d'ensembles de logements à coût modéré, l'assainissement de logements anciens, la création de logements locatifs publics »;*

*- considérant que malgré le développement des aides individuelles et notamment de la garantie de l'Etat, prévue aux articles 9 et 10 de la loi du 25 février 1979, un nombre important de personnes n'est pas en mesure d'acquérir un logement en propriété;*

*- constatant la politique restrictive des instituts et établissements bancaires en matière de prêts au logement;*

*- considérant plus spécialement la situation des jeunes en début de carrière, qui se trouvent dans l'impossibilité d'acquérir un immeuble, faute d'apport personnel suffisant;*

*- considérant que le nombre de demandes en obtention de la garantie de l'Etat est insignifiant et que celui des garanties accordées reste marginal tant par le nombre que par les montants;*

*- saluant l'approche de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement estimant qu'un payement régulier du loyer est une garantie suffisante pour l'octroi d'un prêt ;*

*invite le Gouvernement*

*- à promouvoir cette mesure efficace et à reconsidérer les conditions d'octroi de la garantie de l'Etat en partant d'une approche plus généreuse et en envisageant l'extension sélective de la garantie jusqu'à cent pour cent du prêt nécessaire.*

*(s.) Mars Di Bartolomeo, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer, Marc Zanussi.*

Déi véiert Motioun proposéiert fir déi Caution locative direkt anzeféieren a proposéiert och, dass mer vun deem grousse Projet vun der Agora profitéiere fir en anstännegt urbanistescht Konzept ze maachen an dat ze realiséiere wat jo elo d'Ministeren eis soe wat d'Gemenge misste maachen, also och no soziale Kritären dann den Ausbau vun der Berodung an den Ausbau vum Personal.

***Motion 5***

*La Chambre des Députés,*

*- estimant que notre politique du logement doit continuer à encourager prioritairement l'accession à la propriété immobilière en faveur du plus grand nombre de ménages possible;*

*- sachant que malgré ces efforts, un nombre important de ménages n'a pas les moyens suffisants pour acquérir un logement en propriété;*

*- notant de même que le nombre des logements à loyer modéré accessibles aux familles à revenu modeste ne suffit pas pour satisfaire à la demande et que nous sommes confrontés à des listes d'attente considérables;*

*- considérant que les demandeurs à revenu modeste n'ayant ni la chance d'acquérir un logement en propriété, ni la perspective d'accéder à un logement locatif à coût modéré doivent faire face à des dépenses considérables - dépassant souvent la moitié de leur revenu - pour louer un logement sur le marché libre;*

*- sachant qu'à côté du loyer proprement dit, les ménages doivent supporter les frais d'agence, ainsi que les loyers à déposer à titre de caution;*

*- constatant que les dépenses afférentes dépassent facilement les 2.500 euros;*

*- déplorant qu'en l'état actuel, ces ménages, dont la situation est le moins enviable, ne bénéficient pas d'aides publiques,*

*invite le Gouvernement*

*- à déposer sans délai le projet de règlement grand-ducal portant introduction d'une garantie locative;*

*- à assurer la création d'un nombre suffisant de logements locatifs à coût modéré, soit par le biais du programme de construction envisagé, soit par le biais d'une location principale sur le marché libre;*

*- à créer, en attendant un équilibre entre l'offre et la demande en matière de logements locatifs à coût modéré, une allocation de loyer telle que proposée par le Conseil économique et social dans le but d'améliorer la situation et le niveau de vie des ménages les plus démunis et d'assurer le droit au logement à chacun.*

*(s.) Mars Di Bartolomeo, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer, Marc Zanussi.*

Déi lescht Motioun setzt sech duerfir an, dass mer, de Stat an d'Gemengen zesummen, d'Réserves foncières opbauen iwwert d'Schafung vun engem spezielle Fong dofir, deen net de Fonds de logement ass, well de Fonds de logement seng Aufgaben huet. De Fonds de logement ass net dat eenzegt Institut, dat fir Baulandreserven ze suergen huet. Hei geet et drëm en extrae Fong an d'Liewen ze ruffen, deem budgetär Mëttele regelméisseg zur Verfügung gestallt gi fir déi Baulandreserven ze schafen.

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*- confirmant que le droit au logement devrait être garanti à chacun au même titre que le droit au travail;*

*- notant que ce droit se trouve actuellement fortement hypothéqué, suite à l'accroissement dynamique de la population, l'explosion des prix des terrains à bâtir et la régression sensible du nombre des logements achevés;*

*- constatant l'évolution dynamique du nombre de ménages en raison de l'installation de cellules familiales réduites et une augmentation corrélative des besoins en logements;*

*- considérant l'évolution régressive du marché du logement et la pénurie de terrains à bâtir disponibles;*

*- notant qu'actuellement le prix du terrain à bâtir constitue approximativement 50% du coût total de la construction;*

*- rappelant que Monsieur le Premier Ministre a annoncé à plusieurs reprises que le Gouvernement s'engagerait à endiguer la spéculation foncière et envisagerait dans ce cadre de mettre à disposition les réserves foncières de l'Etat afin d'augmenter l'offre de terrains à bâtir;*

*- regrettant que ni l'Etat, ni les communes ne disposent de réserves foncières suffisantes leur permettant d'endiguer l'explosion des prix des terrains à bâtir;*

*- estimant par ailleurs que dans l'intérêt de notre environnement, une extension à l'infini des surfaces destinées à la construction est inacceptable;*

*- constatant que la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement soutient l'idée de la création de réserves foncières ;*

*invite le Gouvernement*

*- à se donner les moyens et crédits nécessaires pour la constitution de réserves foncières en collaboration avec les communes;*

*- à créer un fonds spécial ayant le même but.*

*(s.) Mars Di Bartolomeo, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer, Marc Zanussi.*

Zum Schluss wëll ech nach soen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass vill geschafft ginn an deem heiten Dossier, besonnesch an der Chamber. Et ass richteg, dass d'Regierung eng Rei vu positive Moossname geholl huet, mä déi awer d'Predikat „isoléiert Moossnamen" am Moment nach verdéngen. All d'Donnéeën, all d'Fakten, all d'Iwwerleeungen an all Bereetschaft zum Engagement vun alle Säite leien um Dësch. Mer versprieche jiddefalls der Regierung, dass mer an deem heiten Dossier um Ball bleiwen, an dass mer dofir wäerte suergen, dass net nach eng Kéier eng besuergneserregend Situatioun um Wunnengsmaart verschlof gëtt. Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Beissel agedroen.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Här President, dierf ech just eppes dem Här Minister zoufügen. Eng sommaire Berechnung seet mer, dass eng Famill mat zwee Kanner laut dem heitege Steierbarème mat ronn 41.000 brutto d'Joer keng Steiere bezilt, dat maache ronn 138.000 bis 140.000 Frang brutto aus. Wann een dann dovun ausgeet, dass déiselwecht Leit am Ufank eng Steierprogressioun hunn, déi relativ niddreg ass, esou ass et evident, dass bis a relativ héije Sphären, géing ech behaapten, vum Akommes keng Hëllef iwwert d'Steieren, wat de Wunnengsbau ubelaangt, méiglech ass, an dass doduerch en Deel vun de Leit zwëschent déi zwou Mesuren, déi steierlech an déi vun de Wunnengsbäihëllefen, fält.

**M. le Président**.- D'Wuert huet d'Madame Simone Beissel. Den Här Minister Boden freet d'Wuert.

**M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Kann ech och eppes dozou soen? Ech hunn elo grad déi Tabellen nogekuckt, déi sinn ëmmer am Index 100 ausgedréckt an och an Euroen. Dat ass heiansdo e bësse komplizéiert fir dat ëmzerechnen, mä e Ménage mat zwee Kanner kritt nach eng Bauprime, wann hien 8.250 Euro Index 100 verdéngt. Dat sinn also nettement méi wéi déi 120.000 Frang, déi ech virdru gesot hunn. Ech hu keng Rechemaschinn hei, mä et sinn der 160.000 ongefëier, géif ech soen. Dat heescht: Vläicht war d'Zuel net richteg, mä d'Ausso vum Här Di Bartolomeo war awer och net richteg.

***(Interruption)***

Mä Dir hutt gesot: Et brauch ee keng Steieren ze bezuelen, mä et kritt een awer och nach keng Primen.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Wat huet een dann, wann ee bei 8% ass?

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Et geet elo domadder duer. Elo fuere mer hei weider mat eisem Ordre du jour. Als nächst schwätzt d'Madame Simone Beissel an déi aner sollen nolauschteren. De Minister kritt zum Schluss d'Wuert an dann hëlt hie Stellung zu all deenen opgeworfene Froen.

***(Interruption)***

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech och dem Här Norbert Haupert, eisem Rapporteur, villmools merci soe fir säin excellente schréftlechen a mëndleche Rapport an och fir seng Kompromissbereetschaft. Ech kann och do de President Ady Jung aschléissen, well heiansdo ass et jo e bëssen héich hiergaangen an der Kommissioun. Mir hate ganz flott Gespréicher a si hunn alleguerte matgehollef.

Här President, déi wuel bekannten Diskrepanz tëschent der Offer an der Demande um Wunnengsmaart berifft sech haaptsächlech op socio-ekonomesch an demographesch Grënn. Säitens der Demande ass d'Variabel Evolution de la population e Schlësselelement. Säitens der Offer weist d'Zuel vun den autoriséierten an de fäerdeg gestallte Logementer d'Manéier, wéi de Wunnengsmaart op déi demographesch Evolutioun vun der Bevölkerung äntwert. Dëst ass vläicht eng ganz vereinfacht Duerstellung vum Verhale vun dësem Marché. Ech wäert elo weisen, dass nach eng Rëtsch vu weideren Ursaachen, déi gewëssermoossen als Konsequenz vun dëser Evolutioun gesi musse ginn, déi aktuell Situatioun nach verschäerfen.

Wat d'Evolutioun vun der Bevölkerung betrëfft verweisen ech op d'Zuelen, déi de Statec eis liwwert. Den 1. Januar 2001 hate mer zu Lëtzebuerg eppes méi wéi 441.000 Awunner. Par rapport zu 2000 hate mer eng Evolutioun vun 1,3%. Eleng zwëschent de Joren 1991 bis 2001 ass eis Populatioun ëm 57.000 Awunner gewuess. Gläichzäiteg muss een eng interessant Entwécklung ervirhiewe wat d'Zuel vun de Baugenehmegunge betrëfft.

Tëschent 1982 an 1991 ass dës Zuel praktesch kontinuierlech geklommen, fir 1991 en historesche Plus vun 78% par rapport zu 1980 ze erreechen. Säit 1992 - an dat ass ganz interessant - huet sech dës Entwécklung awer drastesch inverséiert. D'Zuel vun de Bauten-

autorisatiounen ass am Joer 2000 zum Beispill ëm 8,8% zréckgaangen, am Joer 2001 hu mir souguer e Réckgang vu 24,4%. Déiselwecht Situatioun fënnt een och bei den Eefamilljenhaiser oder den Appartementer. Markant ass virun allem de Réckgang bei den Appartementer an de leschte Joren, an zwar ëm ganzer 27%.

Wann ee weess dass dëse Beräich vill Potenzial besëtzt fir dem aktuellen Déséquiliber entgéint ze wierken, da muss dat een nodenklech stëmmen. Ech kommen am Laf vu menger Interventioun nach dorop zréck. Bedenklech ass och, dass ëmmer nach gréisstendeels am Distrikt vun der Stad Lëtzebuerg gebaut ginn ass, mat 2.186 fäerdege Logementer. Den Distrikt Diekrech zielt am Géigesaz nëmmen 357 Logementer, an de Maacher Distrikt 524, dat heescht e Stéck méi héich, mä trotzdeem net esou vill.

Am Sënn vun enger équilibréierter Dezentralisatioun mussen och hei nei Efforte gemaach ginn. Déi astronomesch héich Präisser um Wunnengsmaart si jo fir kee méi e Geheimnis. Tëschent de Joren 1970 an 1999 ass de Meterkippräis vum Bauvolumen bei Eefamilljenhaiser ëm ganzer 500% geklommen.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Här President, wéi vill feelt dann un adequate Wunnengen zu Lëtzebuerg? Dës Fro kréie mer bewisen an aller Däitlechkeet an den Zuele vun der Vollekszählung aus dem Joer 2001, wou 128.300 Wunnenge fir 171.000 Haushalter gezielt goufen. Dobäi kënnt, an dat ass jo de Paradox, dass d'Bebauungsfläch zu Lëtzebuerg trotz wuessender Populatioun am Laf vun de leschte Joren esougutt wéi guer net variéiert huet. Doduerjer gëtt éischtens ëmmer méi an d'Luucht gebaut, mä zweetens ginn och déi eenzel Wunnengen ëmmer méi kleng. Wa virun zéng Joer eng Wunneng ongefeier 126 m² grouss war, sinn et der haut nach just ongefeier 115. Schonns '91 huet eng Lipp-Etüd, déi de Wunnengsbau am Ministère an Optrag gouf, drop higewisen, dass tëschent 6.600 bis 30.000 Wunnenge géife feelen. Dat war also 1991. Obwuel d'Bevölkerung stänneg wiisst, obwuel d'Zuel vun de Persoune pro Haushalt sech verklengert - 1947 waren et der nach 3,63 am Duerchschnëtt, 1991 schonn nëmmen 2,66 - an obwuel sech d'Liewenserwaardung vun der Bevölkerung verlängert huet, konnt d'Zuel vun de Baugenehmegungen oder de Wunnengen insgesamt dëser Entwécklung net gerecht ginn.

Un dëser Stell géing ech gären drop hiweisen, dass feelende Wunnraum och fir déi zukünfteg Uni Lëtzebuerg riskéiert ee seriöse Problem ze ginn, e Problem deen een net soll ënnerschätzen. D'A.s.b.l. « Wunnraum fir Studenten », déi mer jo och an der Kommissioun gehéiert hunn, huet bei eis an och an hirem Pabeier drop higewisen, dass schonn haut eng ganz Rei Studente virzéien a sech iwwerleeën, ob se iwwerhaapt hir Studien hei zu Lëtzebuerg solle maachen, well se fäerten iwwerhaapt keng Wunneng zu engem abordabele Präis hei ze fannen.

Ech hu gesot dass sech déi bestehend Wunnfläch zu Lëtzebuerg net nennenswäert vergréissert huet. Dofir handelt et sech an den Ae vun der DP net onbedéngt ëm eng Pénurie vu Wunnengen, mä vill méi ëm een Déséquilibre, eng Diskrepanz zwëschent der Offer an der Demande vu Bauterrainen a Wunnengen. Zum Gléck, géif ech gär soen, well am Fall vun enger richteger Pénurie wär net méi vill Spillraum do fir d'Situatioun um Marché ze verbesseren. Esou besteet net nëmmen Handlungsbedarf, mä och Handlungsméiglechkeet.

Här President, mir wëssen de gréissten Deel vun der Populatioun konzentréiert sech nach ëmmer an trotz de modernen Technologien op eis grouss Agglomératiounen. De Grond heifir ass haaptsächlech well sech - an nach ëmmer - e substanziellen Deel vun der wirtschaftlecher Aktivitéit kontinuéierlech an eise Stied zentréiert. D'Schafe vun neien Aarbechtsplazen huet nees als Konsequenz, dass ëmmer méi Leit op Lëtzebuerg wëlle kommen. Gläichzäiteg mussen dann awer och déi néideg Infrastrukture wéi Schoulen, Stroossen, Kanal an esou weider virgesi ginn. Infrastrukturen op déi d'Leit net kënnen, mä awer och net méi wëlle verzichten, well si sinn noutwendeg an droen e groussen Deel zu hirer Liewensqualitéit bäi.

Et ass natierlech ze verstoen, dass d'Leit et virzéie grad an dës Géigende vum Land ze zéien. Dës Entwécklung huet awer mat sech bruecht, dass et zu engem demographeschen Déséquilibre komm ass. Zum Beispill ass dem Norde vun eisem Land op dës Manéier eng ganz Rei vun den Awunner verluer gaangen. Ëmmer manner Leit fannen do eng Aarbechtsplaz, wouduerch et och ëmmer manner attraktiv ginn ass do ze wunnen. Eng vun dësen Haaptagglomératiounen, déi esou eng Evolutioun wéi och d'Entwécklung vum Wunnengsmaart gutt illustréieren, ass ouni Zweifel d'Stad Lëtzebuerg. Wa mir hir Evolutioun kucken, musse mer feststellen, dass d'Leit fir d'éischt aus dem stater Zentrum op de Lampertsbierg geplënnert sinn, dunn op Märel, dunn op de Belair, an duerno lues a lues no Süden, Osten a Westen. Ëmmer erëm wollte si aus der Hektik vun der Stad no bausse flüchten, mä ëmmer erëm goufe si vun der Stadentwécklung ageholl: Haiser, Stroossen, Autoen an doduerch, dir wësst et, manner Liewensqualitéit.

Duerch dëse Problem, dee vläicht haaptsächlech an eiser Haaptstad ze spieren ass, mä och ëmmer méi an anere Géigende vum Land, klëmmt den Drock op méi kleng Nopeschgemenge bestänneg. Datt dës Entwécklung de Präis vun de gutt situéierten a vill gesichte Bauterrainen an Haiser an d'Luucht dreift, läit op der Hand. De Prinzip vun der Dezentralisatioun dierft, mat Aussiicht op ee 500.000-Awunner-Stat - loosse mer dat emol als Chiffer avancéieren -, definitiv eng gréisser Roll spillen. Eng Aussiicht déi zwar reell ass, mä ech mengen et ass wierklech kee Grond fir a Panik ze falen. Et ass keng Fatalitéit, mä au contraire en absoluten Incentive fir op nohalteg Entwécklung ze setzen. Eng Entwécklung, duerch déi mir d'Méiglechkeet hunn, an dat onofhängeg vun der Awunnerzuel, de Matbierger eng héich Liewensqualitéit ze bidden an ze erhalen.

Selbstverständlech ass an dësem Punkt de Wunnengsbau gefuerdert. Eng wuessend Populatioun setzt och eng wuessend Zuel vu Wunnengen a Wunnraum viraus. Déi aktuell Situatioun mat der Diskrepanz tëschent der Offer an der Demande um Wunnengsmaart ass och keng Fatalitéit déi mir mussen hinhuelen. Ech mengen et ass vill méi un de Politiker, un eis alleguerten, fir dës Situatioun an de Gréff ze kréien, unhand vun enger net manner équilibréierter Wunnengsbaupolitik. Eng Politik also, déi d'Sparten, déi weider Méiglechkeete bidden, considéréiert an ausnotzt. Eng Politik déi net ausschliesslech - an ech mengen dat ass jo déi grouss nei Richtung op déi mer elo alleguerten zesumme wëllen higoen, no all eisen Diskussiounen - op d'Demande vun de Wunnengen ageet, mä och haaptsächlech d'Offer mathëlleft ze erweideren, do wou et méiglech ass. Zum Beispill am Beräich vun der Locatioun, zum Beispill an der Reform vum Mietgesetz vum Aféiere vun engem Carnet de l'habitat an esou weider. Mäi Fraktiounskolleeg Marco Schroell wäert a senger Interventioun nach méi am Detail op dës Punkten agoen.

Här President, mir hunn eng Situatioun vun Déséquilibre op dem Wunnengsmaart, wéi d'Zuelen et beweisen. Mä ech mengen et kann een net behaapten, dass de Marché komplett saturéiert ass. Virun allem am Beräich vun der Locatioun besteet Potenzial, dat duerchaus erweiderungsméiglech ass. Dat ëmsou méi wa mer bedenken, an ech hunn dat grad virdru gesot, dass 27% manner Appartementer gebaut gi sinn an deene leschten zwee Joer. D'Entwécklung gëtt awer nach méi stigmatiséiert, wa mir wëssen dass eng Rëtsch vun eidele Wunnenge virun allem an der Stad Lëtzebuerg, mä och lues a lues an aneren Deeler vum Land stinn. Dobäi kënnt och de Problem vun der Meessaffektatioun vun de Wunnengen. Dat heescht, si ginn als Büroen, an net méi als Wunnraum benotzt. Kucke mer emol d'Stad Lëtzebuerg, wou jo m² pro m² am PAG als Wunnengsfläch ausgewise sinn, mä si ginn als Bürosraim genotzt. Wär et net vläicht do eng Iwwerleeung wäert, a mir haten dat diskutéiert, ob een net sollt eng Aart Spezialtax aféieren, wann d'Wunnfläch kontinuéierlech zweckentfremt genotzt gëtt?

D'Stad Lëtzebuerg huet och eng Dispositioun an hiert Bauteréglement geholl, déi seet dass am Secteur central eng Partie vun der Fläch fir d'Wunnenge virbehale gëtt. Et ass och kee Geheimnis, dass eng ganz Partie vu Bürosfläche vu staatlechen Administratioune genotzt gëtt. Wunnflächen, déi eigentlech am PAG vun der Stad Lëtzebuerg och esou als Wunnengen agestuuft sinn. Mir hunn ongefeier um Niveau vun der Stad 170.000 m², also Wunnflächen déi nach ëmmer als Büro genotzt ginn. Fir deem entgéint ze wierken, soll unhand vun engem Groupe de travail mol den Inventar vun all dëse Fläche gemaach gi fir e Reaffektatiounsplang vun dëse Raim opzestellen.

D'Grënn vun dëser Evolutioun sinn ënnerschiddlech. Et sinn dat Spekulatioun mat Immobilien, et sinn dat net un déi modern Normen ugepassten Ausstattung vun alen Haiser, an och déi heiansdo extrem héich Käschten déi op de Propriétaire zoukommen, wann hien ëmbauen oder renovéiere wëll. Mä och d'Reform vum Bail-à-loyers-Gesetz oder d'Erhéijung vun der Mietrenditt, déi haut bei 5% läit, sinn Ziler déi et engersäits fir d'Investisseuren nees méi attraktiv géinge maachen an de Locatif ze investéieren, an anerersäits dem Bierger et och interessant ze statten, d'Locatioun als eng valabel Alternativ zum Eegenheem ze gesinn. Mäi Fraktiounskolleeg Marco Schroell kënnt och nach dorop zréck.

Här President, eng équilibréiert Logementspolitik geet Hand an Hand mat de Betraffenen, dat heescht un aller éischter Stell de Gemengen. Mir kënnen awer net higoen a vun de Gemengemammen an de Gemengepäpp verlaangen datt nei gebaut gëtt, ouni hinnen déi néideg Ënnerstëtzung ze bidden an hir Capacité financière ofzesécheren. Mir dierfen net vergiessen dass eng Gemeng vis-à-vis vun hire Bierger och Obligatiounen huet. Et ass ze einfach fir de Gemengen ze soe si sollten hire PAG erweideren, wa mir gläichzäiteg wëssen dass dat net onbedéngt am Sënn vun der Ëmwelt, wéint der Versigelung vum Buedem, beziehungsweis der Liewensqualitéit ass. Dat sinn alles Realitéiten déi bei all Gemengeverantwortleche prioritär sollte sinn.

Wann eng Gemeng als Promoteur public vu Wunnengen handele soll, wéi d'Regierung dat och virgesäit, da muss sech de Stat awer och konsequent un de Folgekäschte vun esou enger Politik bedeelegen. Dat wieren zum Beispill déi schoulesch Infrastrukturen, d'Structure d'accueil, d'Kanalisatioun an esou weider. D'Bedenke vun de Gemenge géintiwwer dëse finanzielle Käschte sinn an deem Sënn duerchaus ze verstoen. D'DP ass awer och der Meenung, dass et net ubruecht wier d'Gemengen ze forcéieren nach méi eng aktiv Roll als Promoteur public ze spillen wéi dat schonns am Gesetz iwwert d'Aide au logement virgesinn ass. An hirem Pabeier « Nos communes au 21e siècle - La répartition des compétences et responsabilités entre l'Etat et les communes » ënnersträicht d'DP, ech zitéieren: « Des aides étatiques convenables et relatives sont dès lors une condition sine qua non d'un engagement des communes à prendre un rôle plus actif en matière de politique de logement. »

De Stat an d'Gemenge solle sech zesummen un een Dësch setzen, Synergien entwéckele fir eng gemeinsam Léisung ze fannen a Saachen: Wat fir eng Gemeng soll wou an ënnert wat fir engen Ëmstänn hire PAG vergréisseren? Wéi vill ongenotzt Bauland existéiert an de bestehende PAGen? Wéi ass et mat de Réserves foncières? An och: Wéi kënne mer eisem Usproch un Dezentralisatioun besser gerecht ginn? Dat sinn alles Froen op déi mer sollten zesummen eng Äntwert fannen.

Här President, fir e besseren Iwwerbléck ze kréie proposéiert de SYVICOL, fir datt d'Gemenge gehale sinn, verschidden Donnéeën ze deklaréieren. Et wieren dat zum Beispill d'Gesamtoffer vun de Wunnengen, d'Zuel vun de Mietwunnengen an de gefrote Loyer, eidel Wunnengen, mésaffectéiert Wunnengen an esou weider. Op dës Manéier, denken ech, kéint een e relativ gudden Iwwerbléck iwwer all déi Problemer a Komponente vun der aktueller Situatioun an de Gemenge kréien. Ëmsou méi wichteg ass esou eng Démarche, wa mer bedenken dass de Fënnefjoresplang virgesäit d'Zuel vun de Sozialwunnenge vu 4.125 op 9.000 ze erhéijen, mat engem globalen Investissement vun iwwer eng Milliard Euro.

D'DP kann d'Regierung nëmmen ënnerstëtze wa si, wéi am Koalitiounsaccord steet, virgesäit, an ech zitéieren nach eng Kéier: « une majoration sensible du taux de subvention accordé aux divers promoteurs publics lors de la création de logements sociaux locatifs » et de favoriser « toute initiative émanant des promoteurs publics en vue de créer des zones d'assainissement et des zones de réserves foncières ».

Zil soll awer och sinn, datt bei all Konstruktioun, bei all Wunneng déi nei entsteet, net de landschaftlechen an den ekologesche Charakter vun enger Gemeng drënner leide muss. Och dës Konditioune musse kënnen erfëllt gi fir datt d'Gemenge sech, mat der néideger Verantwortung an am Respekt vum Aménagement des villes et du territoire, trauen op de Wee vun enger méi voluntaristescher a percutanter Wunnengsbaupolitik ze goen.

Här President, zum Schluss nach e puer Wuert iwwert d'Promoteurs publics. De Parc locatif public mécht insgesamt 11,43% vun de Mietwunnengen aus. Dëse klenge Prozentsaz weist wéi wichteg d'Initiativ vun der Regierung ass, eng aktiv Politik an dës Richtung ze maachen, andeems si zum Beispill finanziell Mëttele vun de Promoteurs publics vun de viregte 40% op 70% respektiv 75% erhéicht.

D'Demokratesch Partei ka sech awer duerchaus virstelle fir och de private Promoteuren, déi an de subventionéierte Wunnengsbau investéieren, ebenfalls ënnert d'Äerm ze gräifen, an zwar mam Zil fir de Potenzial, deen de Lëtzebuerger Wunnengsmarché am Beräich vun de Mietwunnenge besëtzt, besser ze förderen. De Stat oder d'Gemenge sollen net déi eenzeg sinn, déi sech um Investissement an dem soziale Wunnengsbau bedeelegen.

D'DP ass och iwwerzeegt dass de kommende Carnet de l'habitat e groussen Deel zu der Erweiderung vum Wunnengsraum wäert bäidroen, andeems hien hëlleft d'Renovatioun, d'Salubritéit an esou weider vun der Wunnfläch, déi disponibel ass, nei ze gestalten.

Och ass a mengen Aen eng wichteg Initiativ d'Aféierung vun der staatlecher Garantie locative. D'DP huet schonn 1990 à propos Logement Folgendes proposéiert: « On pourrait par exemple envisager un système de complément au loyer qui mettrait sur un pied d'égalité les locataires du Fonds de logement à coût modéré et les locataires qui sont obligés de s'en remettre au parc locatif proposé par le secteur privé. »

Mer dierfen net nëmmen déi Leit gesinn déi sech een Eefamilljenhaus oder eng subventionéiert Mietwunneng leeschte kënnen. Meng Virriedner hunn dat schonn ugeschwat an ech wëll et nach eng Kéier ënnersträichen, well et ass e wichtege Punkt: Et ginn och nach ganz vill Leit déi sech tout juste keng eege Wunneng leeschte kënnen an trotzdeem awer ze vill Revenu hu fir an de Genoss vun enger subventionéierter Wunneng ze kommen. Déi staatlech Garantie locative wäert et dëse Leit oder Famillje besser erlaben eng Wunneng ze lounen, déi hire perséinlechen oder duerch de Beruff begrënnte Virstellungen entspriechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Koalitiounsaccord huet festgehalen, dass eis Regierung gewëllt ass fir den Zougank vu Privatleit zur Propriétéit tatkräfteg ze ënnerstëtzen. Dëst a folgender Formulatioun: « en maintenant les différents moyens d'aide existants et en rendant leur affectation plus judicieuse. Pour ce faire, les aides individuelles seront dorénavant fonction du revenu disponible par unité de consommation du ménage bénéficiaire; et la grille des revenus à considérer pour l'octroi des aides ainsi que les critères de surface à respecter pour les logements éligibles aux aides seront réexaminés. »

Wann dës Attitüd respektéiert gëtt a wa mir den Hiewel um Wunnengsmaart do usetze wou et néideg ass anstatt eesäiteg eis nëmmen ëm d'Demande ze këmmeren - a mir wëllen dat jo maachen, mir mussen d'Offer ganz ferm förderen -; wann all d'Gemenge mat der néideger Ënnerstëtzung vum Stat bereet sinn eng gesond Logementspolitik ze bedreiwen, déi awer och d'Kritäre vum Aménagement du territoire respektéiert, dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, si mir um gudde Wee de Wunnengsbau mëttel- oder op d'mannst laangfristeg an de Gréff ze kréien.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Merci, Madame Beissel. Den nächsten Orateur ass den Här Jacques-Yves Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt och vun eiser Säit aus all Félicitatiounen un de Rapporteur, dee sech fir d'Elaboratioun vu sengem schréftlechen a mëndleche Bericht ganz, ganz vill Méi ginn huet an och vill Hëllef an der Kommissioun fonnt huet.

Et ass och wichteg datt mer haut iwwert de Problem diskutéieren an datt ee fir d'éischt awer och emol e klenge Bilan zitt vun deem wat mer virfannen. Et muss ee soen, wann een alleguerten déi Hëllefe gesäit déi mer am Laf vun de Joren hei an ons Législatioun erabruecht hu fir de Leit ze erlabe fir eng Wunneng ze kréien oder fir bëlleg ze mieten, da gesäit een datt et sech zu enger Geschierkëscht entwéckelt huet wou et eng Hellewull vun Hëllefen doruechter ginn, an d'Resultater hu

sech och ausgewisen, datt, wann een d'Statistike kuckt au niveau international, da gesäit een datt Lëtzebuerg bal déi meeschte Propriétairen huet vun Eegewunnengen a ganz Europa, mat iwwer 70%, a mir gesinn och datt mer dat Land sinn, en comparaison zu anere Länner, wou mer déi gréisste Wunnfläch hu mat 135 m² pro Logement. Ech mengen dat sinn zimlech considérabel Montanten, an déi weisen datt hei, duerch de Liewensstandard dee mer kannt hunn, awer ganz vill Leit sech konnten eng Eegewunneng leeschten an datt och d'Gréisst vun de Wunnenge sech am Laf vun de Jore considérablement gesteigert huet.

Wann een natierlech méi grouss baut, ass et natierlech och evident datt de Bau méi deier kascht. Nach muss ee sech elo Froe stellen, ob een alleguer déi Mesuren, déi mer bis elo kannt hunn, déi mer och elo nach an onser Gesetzgebung hunn, ob déi alles dat Richtegt esou brénge wéi mer et geduecht hunn? An do muss ech soen datt ee feststelle muss, datt verschidde Mesuren net oder ganz wéineg gräifen. D'Spuerprimen, do ginn et pro Joer 381 Leit déi dovunner profitéieren, bei de Bauprimen 2.568, fir d'Frais d'architectes 105.

Par contre gesäit een, datt eng aner Hëllef ganz gutt gräift, dat ass déi fir d'Hëllefen, d'Zënssubventiounen an d'Bonificatioune fir d'Zënsen, wou pro Joer 14.000 Demandeuren dovunner profitéiert hunn. Et ass also kloer datt ee sech elo mol d'Fro muss stellen, ob een net soll just op deem Gebitt vun den Zënse méi e staarken Akzent leeën an eventuell esouguer déi aner Primen a Fro stellen. Well et ass och wichteg datt deen dee baut, datt deen dee keeft, datt deen eng Hëllef huet déi rapid ass, déi kloer ass, déi iwwersiichtlech ass.

Mir gesinn datt déi eenzel Bauprimen, déi mer hei hunn, datt et do dräi, véier, fënnef heiansdo esouguer sechs Méint dauert bis se kënnen ausbezuelt ginn. Während där ganzer Zäit kann den Acte net gemaach ginn. Dat féiert zu ganz vill lerger an zu neie Käschten. Dofir menge mir datt ee sech soll iwerleeën ob een net soll op de Wee goe fir eng Zënssubventioun esou virzegesinn, datt d'Leit déi bauen, datt déi hir Zënskreditter kréien zu engem Prozent. Ee Prozent natierlech ënnert verschiddene Konditiounen an net dans l'absolu. Mir haten zum Beispill geduecht datt fir eng Persoun 100.000 Euro als Kapital kënnte gëllen, fir zwou Persounen 200.000 a pro Kand 50.000 an datt een dat natierlech eventuell och nach u verschidde Conditions de revenu gestaffelt hätt, mä domadder hätt een d'Méiglechkeet geschafe fir an enger Mesure, déi ganz visibel ass, déiselwecht Zuel, Montantë vu Kreditter déi mer elo hunn, op eng Mesure ze konzentréieren.

Mir mengen datt et eng Diskussioun wäert ass, an dofir gi mer och an deem Sënn eng Motioun era fir datt mer sollen d'Regierung opfuerderen déi Saach do eng Kéier ze studéieren an ze kucken op se faisabel ass an ënnert wat fir enge Konditiounen.

***Motion 9***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que les multiples aides au logement ne concernent en général qu'une minorité d'acquéreurs ou constructeurs d'immeubles, qu'elles manquent de visibilité et et que leur attribution est longue et difficile;*

*- considérant que dans l'intérêt d'une aide au logement efficace et transparente il y a lieu de concentrer l'effort public sur la mesure qui concerne la plupart des demandeurs à savoir celle relative au subventionnement du taux d'intérêt des prêts au logement et d'offrir à l'avenir des prêts du logement à 1%, sous des conditions de revenu à définir;*

*- considérant qu'en cas de survenance d'enfant il y a lieu d'attribuer rétroactivement la subvention afférente relative au prêt financier à 1%;*

*demande au Gouvernement*

*- de concentrer les efforts de subventionnement des personnes en matière d'aide au logement à la création d'un prêt au logement au taux de 1% sous des conditions à définir.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

Den zweeten Deel dee ganz vill an der Debatt steet, dat ass de Problem vun de Bauperimeteren d'une façon générale. D'Diskussiounen ob ee soll de Bauperimeter vergréisseren oder net, déi wäerte mer héchstwahrscheinlech nach eng Kéier muer féieren, mir hunn e puer Debatten déi sech heiansdo iwwerschneiden. Mä et ass awer esou datt jo hei prinzipiell vun der Kommissioun virgeschloe gëtt fir de Bauperimeter net méi ze vergréisseren. Wann een also wëll méi bauen, da muss ee kucken datt een déi bestehend Baulücke bebaut kritt, respektiv datt een den CMU héicht. Mir mengen awer, datt au vu vun de Projeten déi d'Regierung plazeweis huet, notamment tëschent Zéisseng a Leideleng, een awer gesäit datt de Bauperimeter, trotzdeem mer eis um Prinzip festhalen, awer wäert ganz staark vergréissert ginn.

Dofir, mengen ech, muss een dat punktuell kucken, et muss ee kucke wou dat eventuell Sënn mécht a wou et kee Sënn mécht. Et soll een also net dat dans l'absolu gesinn, mä et éischter au cas par cas kucken a regional duerchzéien. Well et ass och schlecht wann elo op eng Kéier massiv an de bestehende Quartierë ganz héich gebaut gëtt, niewent Wunnengen déi alleguerten an den traditionellen Een-, Zwee-, Dräistäckhaiser eropgesat ginn. Do stellt sech also manifestement e Problem vu Kohesioun a vun Développement, a mir plädéieren dofir datt all Kéiers vun der Harmonie an der Entwécklung vun de Stied a vun de Quartierë muss integréiert ginn, a mir plädéieren och dofir datt dat soll a Stadentwécklungs- oder a Quartierentwécklungspläng geschéien.

Den zweete Problem deen een awer muss ugoen, dat ass deen datt ganz vill Gemengen augeblécklech net méi wëllen datt an hire Gemenge gebaut gëtt. Woufir? Well se gesinn datt wann déi negativ Evolutioun vun de Gemengefinanzen esou weider geet wéi se sech ubaant, datt se deen Ablack net méi genuch Suen hu fir déi Infrastrukturen ze bauen, déi an nächster Zäit wäerten op se zoukommen, wa se gesinn datt et Schwieregkeete ginn um Wunnengsbau.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Dofir si se äusserst virsiichteg, an hei ass och d'Regierung gefuerdert fir endlech Kloertext ze schwätzen. Dat wäert natierlech och nach eng Kéier muer zur Debatt kommen - mat dem anere Kolleeg, dee sech ëm den Intérieur këmmert -, fir ze wësse wéi vill dann elo d'Gemengen ënnerstëtzt ginn, wat déi Contributiounen do sinn, well et ass kloer datt wann et esou leeft wéi et elo leeft, da wäerte mer an de Gemengen net vill Begeeschterung fanne fir nach nei Lotissementer ze genehmegen an da wäerten nach ganz vill Retizenzen do sinn, wat nees erëm op de Maart awierkt.

Da muss ee sech och eppes mierken, Här Minister, dat ass datt och heiansdo verschidden Debatten dozou féieren, a verschidden Aussoen, notamment vun eisem Här Statsminister, datt dat och d'Präisser an d'Luucht schnellen deet, wat d'Baupräisser ugeet. Dat war déi ganz Debatt iwwert dee 700.000-Awunner-Stat, déi den Här Juncker lancéiert huet a wou op eng Kéier, wéi se héieren hunn datt d'Bauland géing rar ginn, verschidde Propriétairë sech geduecht hunn, ma dat ass jo elo fein, da gees du elo mol hin an du héichs emol alleguerten d'Baupräisser an d'Terrainspraisser, an dat ass och geschitt.

Et muss een also virsiichteg si wann een Aussoe mécht, well déi kréien direkt negativ Répercussiounen, an ech waarden nach just e puer Méint of fir deen Ablack beim Enregistrement ze froen, datt mer e puer Statistike solle kréie wéi et dann zënter där Ausso do mat der Evolutioun vun de Baupräisser gaangen ass.

Da muss een eppes festhalen, dat ass wa mer als Stat agräifen op de Baupräis andeems mer Zone kafe wou mer Terrainreserven uleeën, datt wa mer soss iergendwéi op déi ganz Infrastruktur vun Offer an Demande agräifen, da gesäit ee ganz oft datt ee vläicht kuerzfristeg et elo fäerdeg brénge fir d'Baupräisser erofzesenken, mä datt ee scho mëttelfristeg nees erëm an d'Situatioun kënnt datt herno, e puer Joer méi spéit, d'Baupräisser an d'Terrainspräisser nees staark usteigen. Et ass also meeschtens e ganz geféierlecht Spill wann d'öffentlech Hand wëll hei weisen datt si méi staark si wéi d'Forcë vum Maart, a bis elo wor et nach ëmmer esou datt d'öffentlech Hand herno falsch louch.

Par contre do wou d'öffentlech Hand soll a muss agräifen, dat ass wou si selwer duerch hir administrativ Prozeduren zur Verdeierung vun de Baukäschte bäidréit. Eng dovun ass sonder Zweifel, an dat huet och d'Kommissioun ganz richteg ervirgestrach, déi ganz Prozedure fir e Plan d'aménagement duerchzekréie wou dat heiansdo dräi, véier, fënnef Joer dauert wou d'Terrainë kaaft sinn, wou d'Investissementer solle gemaach ginn, wou lauter Fräen hikommen. An do gi mer och, Här Minister, eng Motioun eran, wou mer froen datt e puer Reforme sollten duerchgezu ginn, ganz einfacher elo.

***Motion 7***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la durée excessive des procédures administratives d'élaboration des plans d'aménagement du territoire réduit l'offre de projets de construction d'immeubles, est la cause de frais importants qui sont répercutés sur le prix des constructions;*

*- considérant qu'il y a donc lieu de raccourcir ces délais;*

*demande au Gouvernement*

*- d'organiser des réunions de la commission de l'aménagement du territoire au moins trois fois par semaine;*

*- de raccourcir les délais prévus par la loi;*

*- d'assurer le caractère contradictoire des réunions de la commission de l'aménagement du territoire de sorte à permettre aux parties concernées (Etat, Commune, promoteur) de réduire les procédures administratives.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

Mir hu festgestallt datt wann een déi eenzel Statistike kuckt déi mer zur Verfügung hunn, da kommen d'Woch ongeféier 30 Demandë fir Lotissementer am Ministère de l'Intérieur eran. Mat enger Sëtzung vun der Commission de l'aménagement pro Woch wor et esou, datt der an der Moyenne néng bis zéng duerchkomm sinn. Anscheinend kënnt elo zënter kuerzem déi Kommissioun zweemol zesummen, esou datt een der Saach e bëssel che méi no kënnt. Mä mir mengen datt déi Kommissioun nach misst méi oft zesumme kommen a wéinegstens dräimol zesumme komme fir déi eenzel Prozeduren ze accéléréieren.

Da gesäit een och datt mer an der Prozedur selwer, wéi dat Ganzt analyséiert gëtt, nach esou fuere wéi dat an der Zäit vun der Postkutsch gemaach gouf. Et geet fir d'éischt bei de Ministère de l'Intérieur eran, da geet et nees iwwert den Districtscommissaire bei d'Gemengen, da geet et nees bei de Promoteur, da geet et nees hin an hier. Et gesäit een datt déi Prozeduren äusserst laangwiereg sinn, a mir stellen ons d'Fro a mir mengen och, datt et besser wier datt d'Kommissioun dat géing kontradiktoresch, esou wéi dat am Ausland oft de Fall ass, diskutéieren, well ganz vill vun deene Problemer oder deenen Aménagementer, wa se tëschent dem Stat, der Gemeng an dem Promoteur zesummen diskutéiert ginn, dann ass ganz oft eng Léisung ganz rapid an Aussiicht an da brauch een net dat Hin an Hier während Jore vu sämtlechen Dossieren duerchzezéien.

Mir gesinn datt et am Ausland geet. Firwat soll et hei zu Lëtzebuerg net goen?

Da gesi mer datt mer verschidden Hëllefen hei virgesinn hu fir d'Promoteurs publics, an deelweis - gëtt dann och nach virgesat - vu Promoteurs privés. Ech bedaueren e bësschen datt an der Motioun vun de Majoritéitsparteien ëmmer nëmme vun de Promoteurs publics geschwat gouf an d'Promoteurs privés, déi eventuell op de selwechte Wee solle goen, keng Hëllefen a keng Ënnerstëtzunge solle kréien.

***(Interruptions diverses)***

Ech mengen et ass wichteg datt d'Leit séier Wunnenge kréien, a wann ënnert de selwechte Bedingungen de Promoteur privé méi bëlleg a besser ka bauen, an do ginn et jo Etüden déi dat noweisen, dann ass et méiglech datt een dat och soll de Leit zur Verfügung stellen. Dat Wichtegst ass datt séier a rapid gebaut gëtt a mat Qualitéit, esou wéi mer et gäre fir ons Bierger hätten, an dofir muss een d'Konkurrenz spille loossen tëschent dem Promoteur public a privé.

Ech muss och do nach eng Kéier bedauere wat ech déi leschte Kéier bei der Debatt iwwert dat Logementsgesetz, déi mer hei haten, datt mer higaange sinn an eng Promotioun, eng Subsidiatioun excluéiert hunn, dat ass déi datt d'lëtzebuergesch Entreprisë keng Subsidë kréie wa se Wunnenge baue fir hiert Personal wat hei zu Lëtzebuerg wunnt a wat d'Lëtzebuerger Nationalitéit huet, oder Résident ass, dat muss ech éierlech soen, Här Minister, dat verstinn ech net. Dat ass eng Lacune am Gesetz.

***(Interruptions)***

Ech ka just soen dass dat esou ausgeschloss ass, dat bleift esou ausgeschloss an ech weess och datt een Ablack diskutéiert wor fir et nach eng Kéier ze amendéieren, et ass net geschitt, ech wier frou wann Der iergend een anert Gesetz elo hutt, ëm de Logement wäert jo nach héchstwahrscheinlech iergend e Gesetz awer bis um Enn vun der Legislatur kommen, datt Der dann d'Geleeënheet benotzt fir dee klengen Iertum, deen awer wichteg ass, ze revidéieren.

Da muss een och soen, datt hei ganz vill geschwat gëtt vum dem Droit de préemption deen d'Gemenge solle kréien. Mir sinn do relativ skeptesch derfir. Well et gesäit een datt den Droit de préemption, esou wéi en an Däitschland an am Frankräich virgesinn ass, en Fait eng Enteegnungsprozedur ass. Hei gëtt se elo net als Enteegnungsprozedur virgesinn, déi de Gemengen zougesat gëtt. Hei gëtt et net eng Enteegnungsprozedur an deem Sënn datt elo vun de Gemengen aus de Präis fixéiert gëtt ënnert deem se kafen, mä datt si sech selwer géingen um Maartpräis orientéieren. Dat ass ganz schéin a gutt, mä da mussen och d'Gemengen d'Suen hu fir um offizielle Maart kënnen ze intervenéieren.

Ech wëll drun erënneren datt d'Stad Lëtzebuerg een Ablack beispillsweis en Haus fir 25 Milliioune wollt kafen, op der Stee wor et awer fir 80 Milliounen iwwergaangen. Ech muss lech éierlech soe mir stoungen zimlech domm do, wéi mer op eng Kéier gemierkt hu wéi d'Differenzen an den Appréciatioune woren.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Dat zweet ass, mir gesinn et am Ausland, datt den Droit de préemption am Frankräich notamment guer näischt bréngt. E bréngt just nëmmen eng Verdeierung vun de Gestehungspräisser vun den Appartementer a vun de Bauterrainen. Iwwerall wor et e Fiasko. Woufir? Während där Zäit wou d'Demande vum Notaire bei der Gemeng eragereecht gëtt a wou an 90% oder 99% vun de Fäll keng Reaktioun kënnt, well d'Gemeng net interesséiert ass fir egal wat hei ze kafen, an der Stad Lëtzebuerg beispillsweis oder zu Esch, datt een deen Ablack ee Mount just verléiert wou ee muss Tëschefinanzéierunge maachen, an et gesäit een datt och den Notaire muss fir déi Aarbecht rémunéréiert ginn, datt dat och zu Fräe féiert.

D'Etüden déi am Frankräich gemaach gi sinn iwwert dat Ganzt weisen datt et och zu ganz villen Abüe kënnt. Et gesäit een zum Beispill e Buergermeeschter deen net wëllt datt Mietwunnenge fir Immigrante gemaach ginn, dann exercéiert en den Droit de préemption; et gesäit een datt de Buergermeeschter mengt datt deen ee Promoteur een ass deen him net genehm ass an datt en anere Promoteur him méi genehm ass, datt en deen Ablack den Droit de préemption exercéiert. Dat sinn Donnéeën déi mer vum Frankräich geliwwert kruten. Bien entendu wäert et héchstwahrscheinlech net hei zu Lëtzebuerg esou goen. Mä et gesäit een datt, wann ee gesäit wou den Droit de préemption exercéiert ginn ass, dann huet e ganz ganz wéineg bruecht, sauf eng Verdeierung vun den Terrainen.

Da schéngt ons wichteg ze sinn, datt mer higinn an awer eng aner Informatioun mussen als Gemeng kréien, wou d'Gemengen déi musse kréien, dat ass dat wat een nennt: e Baulückenkadaster. Et ass wichteg, datt d'Gemengen informéiert si wou et an dem Bauperimeter selwer, speziell wat méi no zum Zentrum ass vun der Stad, dat heescht datt een dat zirkonspheresch kënnt gesinn, a wou ee gesäit hei ginn et Terrainen déi sinn à l'abandon, hei kann nach drop gebaut ginn, hei si verschidden Haiser déi sinn à l'abandon, déi net gebraucht ginn a wou ee gesäit datt et wichteg ass datt een intervenéiert fir do eppes ze maachen.

***(Interruptions)***

Beispillsweis datt wann ee feststellt datt en Haus à l'abandon ass, datt dat ka verschidde Grënn hunn. Ganz oft gesäit een datt et Schwieregkeete sinn déi sech ergi well een eng Baugenehmegung net kritt, do brauch een nëmmen de Pôle Nord hei an der Stad ze kucken, et gesäit een datt op anere Plazen net gebaut gëtt well déi Persoun, déi Propriétaire ass, verstuerwen ass an d'Héritierë sinn iergendwou an der Welt dorëmmer verstreet. Bei anere Saache si mol Leit Propriétaire déi a Gériatrie sinn, bref mir gesinn datt et ganz oft wichteg ass datt ee weess wou iwwerhaapt sech de Problem stellt an datt een da kann intervenéieren.

Och do wiere mer deen Ablack bereet, dee Moment wou en Haus à l'abandon ass, datt een do kënnt an der Gemeng ënnert verschiddene Konditiounen den Impôt foncier héijen. Well augenblécklech déi eenzeg Aart a Weis wou ee kann intervenéieren, dat ass ze waarde bis wierklech d'Haus an d'Ruine fält an deen Ablack eréischt eng Interventioun kënne maachen, an dofir gi mer an deem Sënn eng Mo-

tioun mat eran, dat ass déi drëtt an déi lescht.

***Motion 8***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant qu'il existe dans toutes les communes de nombreuses places à bâtir isolées ou des maisons à l'abandon, situées dans les périmètres d'aménagement et de construction;*

*- considérant que les communes ne disposent pas d'un aperçu global de ces terrains et maisons et qu'il y a donc lieu de créer un cadastre des terrains isolés non bâtis et des maisons à l'abandon (Baulückenkataster);*

*- considérant que ce type de cadastre doit aller de pair avec la possibilité pour les communes de fixer un impôt foncier plus élevé quant aux maisons à l'abandon;*

*demande au Gouvernement*

*- de créer un cadastre des places isolées non bâtis et des maisons à l'abandon (Baulückenkataster);*

*- de permettre aux communes de fixer un impôt foncier plus élevé quant aux maisons à l'abandon.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

Dann ass et esou datt mer verschidden aner Saache wichteg fannen, datt se och zur Debatt kommen. Dat eent ass e Problem dee mer hei schonn e puermol ugeschwat hunn, dat ass datt déi Leit déi Steiere bezuelen, datt déi munnech Avantagen hunn, an datt déi Leit déi keng Steier hunn, déi kréien net genuch gehollef. Mir mengen dofir a mir hunn dat jo och schonns virun e puer Joer an enger Motioun festgehalen, wou mer leider déi eenzeg woren déi dat gemaach huet, datt mer do d'Negativsteier gefuerdert hunn.

Ech mengen datt mer op deem Wee do och solle goe fir de Leit kënnen ze hëllefen. Da schéngt ons wichteg ze sinn, datt een eng Assurance obligatoire beim Bau virgesäit. Et ass offensichtlech datt do wou et besteet, beispillsweis am Frankräich, de Mehrkäschtepunkt vun der Assurance obligatoire fir de Bau fäerdeg ze maachen a géint d'Mal façon, datt dat 0,1% bis 0,15% vum Bau méi deier gëtt. Wann en obligatoresch ass, iwwerall. Datt awer och domadder alleguer déi Schwieregkeeten déi kënnen entstoen, wann op eng Kéier e Promoteur oder eng Baufirma Faillite mécht, wann op eng Kéier Malfaçonen entstinn, datt déi iwwert dee Wee do rapid kënne behuewe ginn ouni datt et zu Schwieregkeeten herno kënnt, an ech erënneren do an deem Zesummenhang un déi Proposition de loi déi ech erabruecht hat viru geraumer Zäit an déi bal op alle Bänken e groussen Accord fonnt hat.

Dann ass eng aner Saach, Här Minister, wou Dir selwer direkt implizéiert sidd oder am Regierungsprogramm steet datt Der eppes sollt maachen, a wou Der och an dem Zéngpunkteprogramm fir de Commerce et widderholl an ugedeit hutt, mä wou mer awer de Projet de loi net hunn. Dat ass deen iwwert d'Réglementatioun vun der Professioun vum Secteur immobilier.

Et ass wichteg, Här Minister, datt mer hei endlech dee Projet de loi kréien. Ech wär frou, Här Minister, wann Der ons kënnt soe wéini. Well et gesäit een ëmmer méi datt just déi Branche do gréisstendeels vu Failliten ass a wou e gudden Deel frauduleuse sinn. Mir gesinn och do datt ganz vill Agents immobiliers ouni Mandat sinn a mir mengen datt et awer wichteg ass datt déi e Mandat obligatoire mussen hunn. Do ass et noutwendeg datt een déi gutt Agents immobiliers vun deenen trennt, déi hire Métier op eng Aart a Weis duerchféieren, déi ech léiwer net wëll qualifizéieren, mä déi op jiddfer Fall sech negativ fir ganz vill Leit auswierkt. Hei ass et wichteg datt endlech dat Gesetz op den Dësch kënnt.

E leschte Punkt, Här Minister, dat ass d'Impositioun vun de Plus-valuen. Wann een déi Gesetzgebung kuckt mat de Reglementer an de Circulairen an déi Zuel vu Prozesser, déi mer op de Couren, um Tribunal administratif an op de Cour administrative hunn, ech mengen da misst sech d'Regierung eng Kéier iwwerleeë fir déi Gesetzgebung do eng Kéier ze vereinfachen. Am Ausland ass et bei den Immobilië ganz oft esou, datt e gewëssene Prozentsaz vum Verkafspräis, 30, 40 oder 50% fräi gemaach gëtt, net imposéiert gëtt, an de Rescht imposéiert gëtt. Dat ass eng einfach Léisung an déi géif munches évitéieren, well hei ganz oft désagreabel Surprisë sinn, wou allméigleches gefréckelt a gemaach gëtt. Et ass op jidde Fall net dat richtegt, fir op deem Wee do ze bleiwen an do muss sech d'Regierung Verschiddenes iwwerleeën.

Dat gesot, Här Minister, sinn an deem Rapport, dee vun der Kommissioun komm ass, ganz vill Saachen déi mer weider och nach énerstëtzen, iwwert de Bail à loyer und und und, an et sinn aner Saache wou mer a verschiddene Propositiounen, déi mer hei wollte maachen oder preziséieren, méi kritesch woren.

Ech hoffen, Här Minister, datt Der aus där Debatt hei an aus dem Dialog och mat ons gesitt, datt mer wëlle verschidde Saachen änneren, verschidde Saache méi einfach maachen an datt et elo un der Regierung ass fir ze soen, wat se dann endlech wëllt maachen, ouni elo op de Wee ze goe fir ëmmer zousätzlech a vill nei Mesuren ze maachen, mä fir ze kucken, esou effikass wéi méiglech, e puer wichteg Mesuren duerchzezéien a sech dorobber ze konzentréieren.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech gi mat e bëssen engem komesche Gefill an dësen Débat, engem Gefill vu Moutarde après dîner. Ech hunn éischter d'Gefill mir hunn hei en Débat ex post pour orienter les Députés, wéi en Débat d'orientation un d'Regierung.

Ech wëll drun erënneren, dass et elo schonn 20 Méint hier sinn dass mer d'Interpellatioun vum Kolleeg Di Bartolomeo haten an dass mer dozwëschen eng laboriéis Prozedur vum Débat d'orientation gemaach hunn, déi sécherlech ganz luewenswäert war, mä wou een awer och kann de Verdacht hunn, dass eng Verzögerungstaktik hei am Spill war, fir dem Interpellant d'Waasser vun der Millen ze schäffelen.

Well während mir an der Kommissioun ganz vill a ganz profund debattéiert hunn, huet d'Regierung e Paquet vu fiskalesche Gesetzer am Summer an am Hiescht vum leschte Joer ficeléiert. Et gouf e Plan d'action virgestallt - wat jo ongewéinlech ass, ech rappeléieren dass bei PISA nach ëmmer kee Plan d'action zustane komm ass - an am vorauseilende Gehorsam sinn eng Rei vu Mesuren an d'Wee geleet ginn oder zumindest ugekënnegt ginn, an domat huet den Här Boden, dee jo éischter - fir et diplomatesch auszedrécken - de Ruff vun enger roueger Hand huet, eng Rei vu Kritiker zimlech iwwerrascht.

***(Interruption)***

Dir Dammen an Dir Hären, et steet haut ausser Zweifel, dass sech d'Kulturliewen an eisem Land an de leschte Joren ausseruerdentlech gutt entwéckelt huet. Eng vun den Haaptursaachen ass op deen enorme Succès vum Kulturjoer 1995 zréckzeféieren, wou d'Stad Lëtzebuerg europäesch Kulturhaaptstad war. Dëse Mammutevent ass no ufänglecher Skepsis bei de Lëtzebuerger op eng grouss Akzeptanz a Resonanz gestouss. Doriwwer eraus hu vill Auslänner virun allem aus der Groussregioun de Wee op Lëtzebuerg fonnt fir un de Manifestatioune vum Kulturjoer deelzehuelen. All déi Evénementer haten e groussen Impakt op den Tourismus, wou déi negativ Tendenz, déi vun 1991 u spierbar war, gestoppt konnt ginn. D'Erausfuerderung, déi sech duerno fir déi öffentlech Instanze gestallt huet, war virun allem déi den Elan, dee sech aus dem Kulturjoer erginn hat, oprecht ze erhalen.

Dorënner fält och de Bau vu gudden a performante Kulturinfrastrukturen, déi à même sinn e grousse Public unzezéien. Mam Bau vun der Concertshal Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte a mat der Coque um Kierchbierg sinn déi éischt Jalone vun dëser Politik gesat ginn. D'Concerte vun de Rolling Stones, vu Bon Jovi a vum Michael Jackson hu gewisen, dass eng konstant Demande vum Lëtzebuerger Public fir Rockconcerte besteet. D'Zuelen, déi mer iwwert déi meeschtens banne 24 Stonnen ausverkaafte Concerten am Atelier zu Hollerech an an der Kulturfabrik zu Esch hunn, beleeën zum engen, dass mer ëmmer besser an usprochsvoll Rock- a Popmusek op Lëtzebuerg kréien, awer si beleeën och zum aneren, dass eis Hale fir esou Concerten ze kleng sinn. Si entspriechen zum Deel och net méi de Kritäre vun haut a puncto Sécherheet, Technik an Akustik.

Déi Sports- a Kulturzentren, déi mer a verschiddene Gemengen zur Verfügung hunn, weisen an de meeschte Fäll déiselwecht Nodeeler, esou dass och do der nëmmen e puer sinn, déi a Fro kommen, wéi beispillsweis Uewerkuer, Ettelbréck oder Péiteng. De Lëtzebuerger Kenner vun der Zeen ass deemno gezwonge fir op Concerten an d'Halen an der Groussregioun ze goen, esou zum Beispill an de Galaxie op Amnéville viru Metz, op Nanzeg oder Stroossbuerg, wou ënnerschiddlech grouss Infrastrukturen zur Verfügung stinn.

Ech wëll awer och drop hiweisen, dass de sëlleche Gruppen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn an déi qualitativ héichwäerteg Rockmusek maachen, net genuch Raimlechkeeten zur Verfügung sti fir anstänneg ze prouwen. D'Zuel vun de Proufstonnen, déi en-dehors vun de Museksschoulen ofgehale ginn, beleeft sech no Estimatioune vu Backline op 36.000. Dëst spillt sech an de meeschte Fäll a Kelleren an op Späichere vu Privathaiser of, also do wou se net déi néideg technesch Equipementer virfannen an an de meeschte Fäll der Noperschaft en Dar am A sinn. Aus dësen Ursaachen eraus ass d'Regierung op de Wee gaang fir am neie Centre och Proufsäll virzegesinn, fir dëse Gruppen déi néideg Plaz an och déi néideg technesch Equipementer zur Verfügung ze stellen.

Déi nei Rockhal, en Numm, deen elo scho bei de meeschte Leit a Fleesch a Blutt iwwergaang ass, complétéiert domadder déi kulturell Infrastrukturen, déi entweder scho fäerdeg sinn, wéi d'Coque um Kierchbierg, oder déi um Wee si fir fäerdeg gestallt ze ginn, wéi beispillsweis de Concertssall op der Place de l'Europe. An dësem Kontext muss een och den neie Stater Theater nennen, wou d'Renovatioun an de kommende Méint fäerdeg gestallt wäert sinn.

Déi nei Rockhal, zesumme mat den Infrastrukturen, déi bis haut de Kader vu Concerten ofginn hunn, wéi d'Kulturfabrik, den Atelier oder déi Halen, déi mer an der Groussregioun kennen, fëllt deemno och déi Lück, déi bei eis nach opstung. Déi nei Rockhal ass awer net nëmmen eng Concertshal. Si erfëllt doriwwer eraus hir Missioun als modernen, kulturellen an internationalen Treffpunkt, als Plaz wou Konscht geschafe gëtt an enger transdisziplinärer Approche. D'Rockhal bitt e moderne Kader, wou déi neitsten Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologië voll zum Droe kommen. D'Missioune si vielfälteg an ëmfaassen d'Diffusioun, d'Produktioun, d'Répétitioun, den Encadrement vun den Artisten an d'Formatioun.

Aus dëse vielfältege Missiounen, déi d'Rockhal erfëlle muss, hu sech folgend Besoinen erauskristalliséiert. Zwou professionell Concertshalen, déi sech op internationalem Plang weise kënnen an déi e Kader duerstellen, deen den Usprëch vun eiser Zäit gerecht gëtt. E modernt Equipement, wat den Artisten zur Verfügung gestallt gëtt a wat am Projet ënnert anerem ënnert dem Begréff Centre de ressources zesummegefaasst ass. En Espace de convivialité, dee sécher dozou bäidréit dass d'Leit sech gären hei begéinen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ouni mech an den technesche Detailer vun der neier Rockhal ze verléieren, wéilt ech trotzdeem kuerz op dat agoe wat de Projet am Eenzelne virgesäit. Fir de Rescht verweisen ech op den Text vum Projet selwer an op de schréftleche Rapport vun der Bautekommissioun.

Et sinn zwee Säll fir Manifestatioune virgesinn. Zum enge gëtt et eng Hal, déi jee no de Concerte maximal bis 4.000 Spectateuren ophuele kann. Duerch déi mobil Gradinë kënnen tëschent 1.500 an 3.000 Sëtzplazen installéiert ginn, an dat jee nodeem wéi d'Bühn am Sall gesat gëtt. Déi fräi Héicht vum Sall ass 17 Meter. De Sockel vun der mobiler Bühn ass zwee Meter héich. D'Déift vum Sall bedréit 95 Meter an d'Breet 40.

De Fait datt d'Bühn, jee no Gréisstenuerdnung vun der Manifestatioun, modulabel ass, huet d'Noutwendegkeet mat sech bruecht, direkt hannen am Sall genuch Plaz virzegesi fir d'Deeler vun der Bühn op eng propper Aart a Weis ze verstauen. Den Accueil an de Beräich fir d'Artisten, dat heescht d'Vestiairen an d'Logen, fir d'Artiste selwer an hiert technesch Begleetpersonal, sinn direkt mat der Bühn verbonnen a vu baussen zougänglech. Den Espace fir Liwwerungen an den Transit vun de noutwendegen Equipementer fir d'Concerte sinn esou agencéiert, datt den Op- an Ofbau vun der Bühn séier vun Hand geet. An dësem Kontext ass ervirzehiewen, datt d'Poids-lourdsë bis bei d'Bühn fuere kënnen.

Den Espace Centre de ressources ëmfaasst e klenge Concertssall vu 500 Plazen, aacht Proufsäll, e Studio fir opzehuelen, en Dokumentatiounszentrum, Büroen a Versammelungsraim. De klenge Concertssall huet eng fräi Héicht vun zéng Meter, de Sockel vun der Bühn eng Héicht tëschent 0,6 an 1,2 Meter. Nieft de Concerte kënnen do och Prouwen ofgehale ginn, oder e kann als Forum dénge wou nei Ausdrocksforme vu Musek ausprobéiert kënne ginn. De Sall ass mat allen techneschen Equipementer ausgestatt. D'Proufsäll, grad wéi den Opnahmestudio an dem Centre de documentation, si ganz no beim klenge Sall a ginn duerch d'Raimlechkeete fir d'Administratioun an d'Gestioun ergänzt. De Foyer spillt d'Roll vun der Agangshal fir d'Visiteuren, déi entweder vum Parking oder vun der Gare kommen. Et ass och an dësem Deel wou e Café virgesinn ass.

Wat d'Gestioun ubelaangt, sou huet d'Kommissioun, no Unhéierung vun der Madame Minister, festgehalen, datt en Etablissement public wuel de beschte Wee wär, fir déi villfälteg Missioune vun der Rockhal adequat ze erfëllen; en entspriechende Projet de loi ass jo déi lescht Woch vun der Madame Minister op den Instanzewee geschéckt ginn.

D'Gesamtkäschte belafe sech op 29,62 Milliounen Euro, déi iwwert d'Kreditter vum Etablissement public fir d'Realisatioun un den Equipementer op de Frichë vu Belval-West lafen. De Financement vum Projet gëtt duerch d'Loi de garantie assuréiert. Et ass gewosst, datt de Bau vun der Rockhal als eng vun de Prioritéiten am Plan pluriannuel d'investissement de l'Etat festgehalen ass. De Statsrot begréisst de Projet als Bäitrag fir dat Lëtzebuerger Kulturliewen a fir d'Opwäertung vun der Minettsrégioun. Den héije Gremium huet a sengem Avis d'Hoffnung zum Ausdrock bruecht, datt de Projet net en Affer soll gi vun der Revisioun vum Plan pluriannuel d'investissement public.

Här President, ech wéilt nach gären e puer Wuert soen iwwert d'Aarbechten an der Kommissioun, déi an engem ausseruerdentlech harmonesche Klima verlaf sinn. D'Kommissiounsmemberen hu sech beispillsweis d'Fro gestallt iwwert d'Programmatioun vun de Concerten, grad wéi iwwert d'Koordinatioun mat anere kulturellen Infrastrukturen. D'Madame Minister huet der Kommissioun erkläert, datt d'Programmatioun nëmmen en concordance an engem globale Konzept mat den aneren Institutiounen ze gesinn ass.

D'Madame Minister konnt d'Suerg vu vereenzelte Memberen net deelen, déi gemengt hunn datt de Sall sech net rentéiert. Schonn elo leien eng sëllegen Demandë vun international renoméierte Gruppe vir, déi op Lëtzebuerg komme wëllen. Vergläichbar Säll am Ausland - sou ass et festgestallt ginn - kéime pro Joer bis op 400 Manifestatiounen.

Wat den zukünftegen Notze vun der Gebléishal ubelaangt, sou ass d'Regierung amgaang ze préifen, wéi een dëst Industriedenkmal sënnvoll réaffectéiere kéint.

Et war der Bautekommissioun e besonnescht Uleies, fir op d'Wichtegkeet vun engem performanten öffentlechen Transport hinzeweisen. De Bauteministère huet dorobber higewisen, datt d'Schinnennetz op de Frichen a Stand gesat muss ginn an datt d'Gare, déi am Moment just en Arrêt, e Quai ass, ausgebaut gëtt.

D'Opportunitéit fir op de Frichen en Tram anzesetzen, gëtt am Moment nach gepréift. D'Kommissioun war, grad wéi déi concernéiert Gemengen, eestëmmeg der Meenung, datt mer net laanscht en Tram kommen.

Une voix.- Très bien.

M. Fred Sunnen *(CSV), rapporteur*.- P&R-Parkinge gëtt et de Moment nëmmen am Norde vun de Frichen, d'Hal selwer ass awer am Süden, deemno ass et wichteg en adequat Transportmëttel ze hu fir

d'Leit bei d'Rockhal ze bréngen. D'Kommissioun huet dofir festgehalen, datt en Tram e wichtege Bausteen an engem intégréierte Konzept, fir e performanten öffentlechen Transport an der Minettrégioun, misst duerstellen.

Am Kader vun der Ubannung vun der Friche Belval un d'Friche Micheville a Frankräich ass e Rondpoint am Süde virgesinn, dee mat P&R-Installatiounen équipéiert gëtt an esou d'Geleeënheet bitt, fir de Frontalieren an deene Leit, déi keng Méiglechkeet hunn, fir mam öffentlechen Transport ze kommen, hiren Auto no beim Site stoen ze loossen.

Zu gudder Lescht wëllt ech nach preziséieren, datt um Niveau vun der Energiezoufuer am Moment ënnersicht gëtt, ob et méiglech ass fir d'Rockhal un d'TGV-Zentral unzebannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen ech konnt Iech mat dëse Prezisiounen e kloert Bild iwwert d'Aarbechten an der Kommissioun an iwwert d'Dispositiounen aus dem Projet ginn. Sollt dëst nach net duergoen, da recommandéieren ech de schréftleche Rapport ze consultéieren, dee méi detailléiert op déi technesch Finessë vum Projet ageet.

Ech hoffen, datt de Projet geschwënn op der Schinn ass, well eist Land huet laang missen op dëse Moment waarden. Elo kënnt d'Rockhal endlech, an eis Jugend, grad sou wéi mir, déi sech nach jonk fillen, kréien endlech dat gëeegent Instrument fir an de Genoss vu gudder Rockmusek ze kommen.

Mat dëse Wierder a mam Opruff de Centre de Musique amplifiée ze stëmmen, schléissen ech meng Interventioun a soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet. Mäi Fraktiounskolleeg, den Här Ady Jung, wäert am Numm vun der CSV op de Projet vun haut agoen an d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Auteur vun der Propositon de loi, den honorabelen Här Robert Garcia. Den Här Garcia huet d'Wuert.

***Présentation de la proposition de loi 4737***

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG), auteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hello Fans. Et ass schonn e komescht Gefill wann een haut de moien iwwer Musique amplifiée schwätzt, während iergendwou aneschters, nämlech zu Bagdad, onschëlleg Zivilisten eng aner Musique amplifiée aus dem Himmel geschéckt kréien, nämlech déi vun enger kolonialer Muecht, déi en imperialistesche Krich ugezettelt huet. Trotzdeem wësse mer, dass d'Rockmusek net nëmme staark vun enger anerer Gesellschaft, vun den USA, beaflosst ass, mä mir wëssen och dass d'Rockmusek ganz oft fir de Fridden duerch Concerten, duerch aner Manifestatiounen agetrueden ass, sou dass mer elo net ze vill Etats d'âme mussen hu fir hei iwwer Musique amplifiée, beziehungsweis Rockmusek, ze schwätzen.

Här President, ech wëll der Conférence des Présidents an der Kulturkommissioun vun dëser Chamber merci soen, dass ech meng Proposition de loi aus dem Joer 2000 hei ka presentéieren. Et ass keng evident Prozedur gewiescht, well mir leien hei e bëssen à cheval zwëschen zwou Prozeduren, nämlech där aler Prozedur vun der Proposition de loi an där neier Prozedur vun der Proposition de loi.

An der neier Prozedur hätt ech eigentlech missen ee Rapport maachen, dee wär dann an der Kommissioun diskutéiert ginn an ech hätt alt kënnen dee Rapport hei virdroen, an da wär wahrscheinlech eng Motioun oder eng Resolutioun gestëmmt ginn.

No der aler Prozedur, déi hei nach wierkt, wëll ech dës Proposition de loi virstellen, obwuel se aus dem Joer 2000 ass. Et gëtt nëmmen een eenzege Grond firwat dass meng Fraktioun insistéiert huet, dës Proposition de loi hei virzestellen, an zwar géife mir gären a mir hätten och gären dass d'Chamber dee Projet, deen de Kolleeg Sunnen hei virgestallt huet, en âme et conscience ka stëmmen.

Ech erkläre firwat. Mir hunn hei virun zwee Joer, aus Ulass vun dem Vote iwwert de Fonctionnement vun der Coque um Kierchbierg, eestëmmeg eng Motioun gestëmmt, déi och mat enger grousser Begeeschterung vun der Ministesch Brasseur accueilléiert ginn ass. An där Motioun heescht et, dass d'Regierung opgefuerdert ass fir bei sportlechen, kulturellen, éducativen an anere Projeten, gläichzäiteg oder zumindest ouni e groussen Déphasage, de Projet iwwert d'Konstruktioun an de Projet iwwert de Fonctionnement ze déposéieren.

Wéi gesot, déi Motioun ass hei eestëmmeg ugeholl ginn, a wa mer eis als Chamber tant soit peu nach kënne seriö huelen, dann däerfte mer eigentlech hei kee Projet iwwert d'Konstruktioun stëmmen, ouni dass de Projet de fonctionnement zumindest an der Pipeline ass.

Bis elo ass dat awer an deene leschten zwee Joer ni geschitt. Bei der Concertshal hei um Kierchbierg ass de Projet de fonctionnement mat engem relativ groussen Déphasage déposéiert ginn, an och an anere Kulturprojeten hu mer eigentlech ni de Fall gehat, dass de Fonctionnementsprojet parallell mat dem Konstruktiounsprojet déposéiert ginn ass.

Dofir hu mir - wéi et kloer war, dass de Konstruktiounsprojet géif an der Bautekommissioun finaliséiert ginn - als Fraktioun de 15. Januar eng Kulturkommissioun aberuff a mir hu gesot, entweder huet d'Regierung selwer e Fonctionnementsprojet virgeluecht oder mir hätte gären, dass eise Projet, deen an enger anerer Form scho séit 1996, also säit sechs Joer do läit, soll op den Ordre du jour kommen.

Dunn huet d'Kulturkommissioun eestëmmeg mech als Rapporteur vun där heite Proposition de loi gestëmmt a gesot ech soll, wann dee Projet de loi vun der Konstruktioun géif an d'Chamber kommen, da parallell dozou déi Proposition de loi iwwert de Fonctionnement virstellen. D'Madame Ministerin huet du gesot, de 15. Januar, si géif innerhalb vu 14 Deeg dann en eegene Projet de loi déposéieren. Et huet dunn awer net zwou Woche gedauert bis dee Projet de loi déposéiert ginn ass, mä zwee Méint. In letzter Minute. Ech woe souguer ze behaapten, wa mir net insistéiert hätten dass eis Proposition de loi hei op den Ordre de jour kënnt, dass dann de Projet de loi wahrscheinlech eréischt am Summer, vläicht am Hierscht géif déposéiert ginn. Mä dat ass also eng Mutmassung déi sech haaptsächlech op Erfahrungswäerter aus der Vergaangenheet baséiert.

Une voix.- E bësse méi Vertrauen, Här Garcia!

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG), auteur.*- Ech muss awer soen dass dat Verfahren hei e bësse symptomatesch ass fir dee gewëssenen Dédain, deen d'Regierung an hir Apparatschike géigeniwwer vun den Initiative vun der Chamber éprouvéieren. Ech wëll drun erënneren dass Enn November am Joer 2000 de Conseil d'Etat un d'Regierung ee Bréif geschriwwen huet, si hätten en Echange de vue gehat iwwer dräi Propositionde-loien, déi ech am Kontext vun de Frichen déposéiert hunn, nämlech déi heite Proposition de loi, déi Proposition de loi iwwer eng Structure de gestion vu ganz Belval an d'Proposition de loi iwwer eng europäesch Uni op Terres Rouges, mä si kéinten awer nach keen Avis ginn, well si géife gär wësse vun der Regierung wéi d'Pläng vun der Regierung wäre fir den Aménagement vum Site vu Belval a vun den Terres Rouges.

Dat war am November 2000, et sinn also zwee an en halleft Joer vergaangen ouni dass d'Regierung dem Conseil d'Etat eng Informatioun doriwwer geschéckt huet, an dofir huet de Conseil d'Etat och zu menge Proposition-de-loien nach keen Avis bruecht.

Ech fannen dat relativ traureg, et ass och en Zeechen dass d'Chamber vu verschiddene Leit just als eng Ofstëmmungsmaschinerie considéréiert gëtt, an all déi Initiativen déi hei geholl gi ginn éischter als lästeg, kollateral Schied vun dem legislative Prozess considéréiert.

Ech kommen dann awer zu dem Inhalt vu menger Proposition de loi. Déi Proposition de loi hei hunn ech déposéiert de 7. Dezember 2000, an zwar aus engem gewëssene Protest, well dee Moment de Konstruktiounsprojet de loi, also net de Projet de loi, mä d'Gesetz dat mir hei de 5. Mee 1999 gestëmmt hunn, an engem Moratoire op d'Äis geluecht ginn ass. D'Bauteministesch huet sech zwar gewiert géint den Terme «Moratoire», mä finalement huet et jo awer elo quasi dräi Joer gedauert, a wann een dräi Joer eppes op Äis leet, da kann een awer scho bal vun engem Moratoire schwätzen.

Déi Proposition de loi hei, déi en Etablissement public fir déi Rockhal virgesäit, ass eigentlech e Succesceur vun enger éischter Proposition de loi, déi ech de 5. Dezember 1996 hei déposéiert hunn, an zwar anlässlech vun den Debatten iwwert deen onséilegen an onsägleche Pei-Musée hei an der Chamber. Déi Proposition de loi ass deemools déposéiert ginn aus zwee Grënn. Éischtens fir drop hinzeweisen dass net nëmmen déi aktuell Kulturministesch an d'Bauteministesch, mä och deen deemolege Bauteminister vun enger anerer Partei aner Prioritéiten haten, nämlech déi um Kierchbierg, wéi am Süden eppes bësse méi rapid ëmzesetzen. En zweete Grond war deen, ech wëll drun erënneren dass iwwert déi Rockhal hei scho säit de 70er Joren debattéiert ginn ass. Et goufen Initiativen, Musek fir déi Jonk, gratis Glacen an der Rockhal, ech weess net wat fir A.s.b.l.en hu sech gegrënnt, d'Initiative vun der Jeunesse socialiste, vun anere Gruppéierungen, déi ëmmer erëm aner Sitë kucke gaange sinn an d'Ausland, déi versicht hunn de Konzept ze affinéieren, an dee Moment, 1999, wéi d'Rockhal hei ofgestëmmt ginn ass, war iwwerhaapt nach kee Konzept do. Esou dass een net nëmmen dëser Regierung ka virwerfen dass se de Konstruktiounsprojet weider gefouert hunn, mä och där Regierung virdrun.

Dofir hunn ech am Dezember 1996 proposéiert eng Fondatioun ze maachen, déi ech dunn Janis Joplin genannt hunn, a fir dass eng Structure de préfiguration do wär, fir dass een, wann déi Rockhal géif gebaut ginn, schonn eng Struktur do hätt déi och dee Konzept géif virun dreiwen. Well mir hunn déi Lëtzebuerger Krankheet, ech hunn déi jo schonn hei ganz oft monéiert, dass mir ganz vill an de Betong an an de Stol an an de Marber investéieren, a wann de Betong, de Stol an de Marber beziehungsweis, d'Pierres de bourgogne si jo nach net do, wann déi bis stinn, da gëtt sech eréischt Gedanke gemaach wat dann an deene fastueuse Strukture soll passéieren.

Wéi gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Fondatioun vun deemools hunn ech duerch déi zweet Proposition de loi am Joer 2000 an en Etablissement public verwandelt. Aus wéi engem Grond? Ma jo, am Joer 1996 gouf et jo en akademesche Sträit ob ee soll déi Kulturinstituter a Form vun enger Fondatioun oder vun engem Etablissement public etabléieren. D'Argumenter fir eng Fondatioun waren déi dass ee gesot huet, do wou vill Apport non public ass, also vu baussen, kéint een eng Fondatioun grënnen, während do wou déi Haaptapporte public sinn, soll een en Etablissement public grënnen. Dofir ass jo och d'Fondatioun vun dem Musée d'art contemporain eng Fondatioun, gëtt awer net en Etablissement public, well deemools nach Hoffnung bestoung dass vill Sponsore géife vu baussen eppes do abréngen, eng Hoffnung déi sech allgemeng an der Kultur jo an der Zwëschenzäit zimlech zerstéiert huet. Mir ware souwisou eigentlech éischter fir en Etablissement public an et stellt sech elo eraus, dass effektiv, esou wéi d'Rockhal elo configuréiert ass, inhaltlech, en Etablissement public selbstverständlech méi gënschteg wär.

Firwat den Numm vun Janis Joplin fir deen Etablissement public? Et muss ee jo zouginn, egal wéi een zu där Propositioun steet, dass deen Numm e bësse méi sexy ass wéi dee vu Musique amplifiée, wou ee kéint mengen et wär eng opgebauschte Musek oder et wär soss iergend eppes. Deemools, wéi et drëm gaangen ass fir en Numm fir déi Fondatioun ze sichen, hunn ech mer fir d'éischt d'Méi gemaach, ähnlech wéi bei der Fondation Henri Pensis, fir e Lëtzebuerger oder eng Lëtzebuergerin ze fannen déi am Beräich vun der Musek Grousses geleescht hätt an déi natierlech net méi lieft, well et ass jo awer e bësse komesch fir eng Fondation oder en Etablissement public no enger Persoun ze benennen déi nach lieft.

An do muss ech awer soen dass ausser dem Chris Baldo, seet hei d'Madame Wagener, mä ech fannen dat ass awer schonn net méi grad esou rockeg, éischter méi poppeg, ass glécklecherweis nach kee Lëtzebuerger, nach keng Lëtzebuergerin gewiescht déi gestuewen ass an déi grouss Mériten an der Rockmusek hat. Dofir sinn ech an den auslänneschen Who's who kucke gaangen, a vu dass quasi alleguerten, ech géif souguer soen alleguerten d'Fondatiounen an d'Etablissements publics Nimm vu Männer kréien, do hunn ech e bësse gekuckt wéi eng Fra dass an der Rockmusek dann international federführend war, an do sinn ech natierlech niewent aneren haaptsächlech op den Numm vum Janis Joplin gestouss. Net nëmme well dat eng vun deene gréisste Bluesa Rockmusekerinne vun allen Zäite war, mä well déi och duerch hir - wéi soll ech et diplomatesch ausdrécken? - Wëllheet an duerch hiert bësse méi kontrasträicht Liewen eigentlech symbolesch steet fir eng Musek déi jo a leschter Zäit ëmmer méi geglättet ginn ass, mä déi an hirem Ursprung awer eng gewësse Revolte, eng gewëssen Dynamik an eng gewësse gesellschaftlech Afroestellung symboliséiert. Dofir sti mir och nach weiderhin zu deem Numm vun där Sängerin.

Ech hu missen esouguer bei Rencontrë mat Schoulklasse feststellen - ech hu geduecht déi Jonk vun haut, déi géifen déi guer net méi kennen -, dass am Zuch vun deem allgemenge Revival vun de 70er Joren effektiv ganz vill Leit aus der Jugend deen Numm nach kennen.

D'Strukture vun deem Etablissement public gläiche selbstverständlech deene Strukture wéi all Etablissement public. Dank der Seejomëssenaarbecht vun dem Jurist vum Kulturministère, huet sech lues a lues de Konzept vun dem Etablissement public affinéiert. Am Ufank huet de Conseil d'Etat ëmmer nach missen do meckeren, a leschter Zäit ass dat Gemeckers manner ginn, esouguer dass d'Etablissements publics ëmmer méi glat iwwert d'Bühn ginn, an dofir ass eigentlech zu de Strukture selwer vum Etablissement public relativ wéineg ze soen.

Et muss een awer elo soen, wat ech och e bësse cocasse fannen, dass d'Regierung net nëmmen zwee Méint gebraucht huet fir hire Contre-projet ze formuléieren, dee se jo hei schonn hätt kënne säit sechs Joer formuléieren. Zweetens, si maachen et sech relativ bequem well si iwwerhuelen einfach den Exposé des motifs. Dat musst Der wierklech liesen, dat ass einmaleg, am Exposé des motifs steet, mir wëlle kee weideren Exposé des motifs, well dat steet jo alles schonn an de Bauteprojeten dran, an dofir iwwerhuele mer dat, an dann zitéiere se de Bauteprojet. Also esou liddereg kann ee sech natierlech och aus der Affär zéien, quitte dass ech muss soen dass den Exposé des motifs vun deem Bauteprojet effektiv eng ganz Rei vun Elementer enthält, mä et hätt een awer kënnen, wat d'Gestioun betrëfft, nach kleng Prezisioune bréngen zu deem Bauteprojet.

En aneren Ënnerscheed zwëschent der Proposition de loi an dem Projet de loi vun der Regierung ass deen, dass d'Regierung an dem Conseil d'administration eng Prédominance vun Apparatschiken, wann ech dat däerf frëndlech soen, aus de Ministèrë virgesäit, wou ech meng Zweifelen hunn ob déi net éischter Spezialist a Men in Black, also a blauer Box sinn, wéi an der Rockmusek, a wou ech eigentlech fannen dass et besser wär eng Majoritéit vun de Leit an deem Conseil d'administration, dat wäre Leit déi och mat der Rockzeen eppes ze dinn hunn. Mir hunn also e bësse méi eng aner Pondératioun vu Presenz an deem Conseil d'administration wéi de Regierungsprojet, mir hunn och zousätzlech vun enger Vertriederin oder engem Vertrieder vun der Stad Esch och nach ee Vertrieder oder eng Vertriederin vun deem Syndicat Pro-Sud mat an de Conseil d'administration geholl. Mir wollten dat ëmmer systematesch maachen, well mir fannen dass déi Aufgabe vun esou enger Rockhal net eleng en nationalen oder och net eleng e lokalen, mä och e regionale Charakter mussen hunn.

Wat de Rescht ubelaangt, huet d'Regierung elo och a leschter Minutt, nämlech net méi spéit wéi den 19. Mäerz, dat war gëschter, eng Prise de position zu menger Proposition de loi gemaach, déi si och hätt kënne säit sechs Joer maachen. Doranner stinn e puer Argumenter, déi richteg sinn. Si erginn sech dorun, dass déi Proposition de loi schonn zwee an en halleft Joer al ass an natierlech net méi deem Projet vun haut entsprécht.

Een Argument ass natierlech besonnesch witzeg. An deem leschte Punkt werfe si mir vir, dass an der Propositon de loi keng Estimatioun vun de Folgekäschten dra stéing. Dat ass natierlech kloer. Ech mengen als aarme Schlucker-Deputéierte vun enger klenger Fraktioun huet ee kee grousse ministeriellen Apparat hanneru sech, deen engem kann ausrechne wéi eng Leit een do muss astelle vum Portier bis hin zum Direkter. Et ass natierlech och kloer, dass a kenger Proposition de loi, déi ech jee hei vun engem Deputéierte gesinn hunn, eng Estimatioun des coûts dra war.

Si schreiwen dann allerdéngs si hätten déi Estimation des coûts gemaach. Ech hunn dunn awer um Schierm nogekuckt a souwuel bei där provisorescher Versioun wéi och bei där definitiver Versioun keng Estimation des coûts fonnt. Dat heescht d'Regierung gëtt also de Moment op alle Fall hiren eegenen Usprëch net gerecht an duerfir ass eigentlech de Moment deeselwechte Flou ronderëm e Projet de loi vun der Regierung wéi deen iwwert der Proposition de loi vu mir.

Nonobstant a well mir extrem fein sinn, si mer der Meenung dass dee Projet de loi vun der Regierung,

och wann en, wéi gesot, e bëssen iwwert de Knéi gebrach ass, awer keng grammatikalesch Feeler huet wéi fréier oft esou Projeten der haten, well haut déi Computere jo déi Korrekturprogrammen hunn. Ech ka mech un e Projet Neumünster erënneren, deen 113 grammatikalesch Feeler hat, well en esou séier huet missen iwwert de Knéi gebrach ginn.

Deen heite Projet ass an allen Hinsichte korrekt an duerfir kënne mir de Projet vun der Regierung ënnerstëtzen. Duerfir wëll ech hei eng Resolutioun déposéieren, déi beseet, dass d'Chamber décidéiert de Projet de loi vun der Regierung, dee wéi gesot virun enger Woch déposéiert ginn ass, esou séier wéi méiglech ze evakuéieren, allerdéngs sous condition qu'un tableau sur les coûts financiers prévisionnels de la gestion soit ajouté au texte du projet de loi.

***Résolution 1***

*La Chambre des Députés,*

*- saluant le vote du projet de loi 5055 sur un Centre de Musique Amplifiée sur la friche industrielle de Belval-Ouest;*

*- rappelant la motion unanimement adoptée par la Chambre invitant le Gouvernement à soumettre sans déphasage trop important les deux projets de loi relatifs à la construction, resp. à la gestion d'infrastructures culturelles;*

*- considérant la présentation de la proposition de loi 4737 portant création d'un établissement public nommé «Centre de créations et d'événements musicaux Janis Joplin»;*

*- prenant acte du dépôt, le 11 mars 2003, du projet de loi 5103 portant création d'un établissement public nommé «Centre de Musiques Amplifiées», projet de loi qui actualise et précise les dispositions de la proposition de loi citée;*

*décide*

*- d'évacuer le plus rapidement possible le projet de loi 5103 portant création d'un établissement public nommé «Centre de Musiques Amplifiées», sous condition qu'un tableau sur les coûts financiers prévisionnels de la gestion soit ajouté au texte du projet de loi.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Ech wäert nach méi spéit an dëser Séance d'Geleeënheit kréien iwwert den excellente Rapport vum Kolleeg Sunnen an zu dem Projet de loi iwwert d'Konstruktioun vun der Rockhal ze schwätzen.

Ech soen lech merci.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Ady Jung agedroen. Den Här Jung huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Ady Jung** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, an engem excellente schréftleche wéi och mëndleche Rapport huet mäi Frënd Fred Sunnen de Projet de loi 5055 iwwert de Bau vum Centre de Musique amplifiée beschriwwen a virgestallt. Well hien dat esou ausféierlech gemaach huet, kann ech mech op e puer eenzel Aspekter vum Projet beschränken.

Am Numm vun der CSV-Fraktioun soen ech dem Kolleeg Fred Sunnen merci a félicitéieren him fir säi grousst Engagement fir alles wat sech de Moment an och an Zukunft op den Industriebrooche vu Belval-West ofspillt.

Wann och de 6. Mee 1999 hei an der Chamber op Drock vun der LSAP en éischte Projet fir eng Rockhal gestëmmt gouf, an zwar eestëmmeg mat 54 Stëmmen, da misste mer haut grad esou eestëmmeg agestoen, dass dee Projet un a fir sech iwwert de Knéi gebrach war.

Fiederféierend war den deemolege Minister fir d'Jugend, de Kolleeg Bodry, deen ënnert dem laangjähregen Drock vu Rockferventen, wuel mam Aversteesdemech vun der CSV-LSAP-Regierung, de Projet duerchbruecht hat, deen allerdéngs - wéi sech spéider erausgestallt huet - weder bautechnesch nach architektonesch geräift war, ofgesi vun den Eegentumsverhältnisser vun den Terrainen a vun de Gemengeprozeduren, déi der Autoritéit vun de Gemengen Esch a Suessem ënnerstinn. Och huet sech erausgestallt, dass déi virgesinnen Infrastrukture kengesfalls den Usprëch vun der viséierter musikalescher Ausriichtung gerecht hätte kënne ginn.

Obschonn an der Zwëschenzäit eng Onmass Aarbechten, besonnesch duerch den Innenminister a gläichzäiteg Minister vum Aménagement du Territoire Michel Wolter geleescht goufen, esou konnten de leschte Méindeg déi zwou Chamberkommissioune vun den Travaux publics a vun der Ekonomie, Energie, Post an dem Transport sech iwwerzeegen, dass et bis op den heitegen Dag kaum méiglech gewiescht wier egal wat fir e funktiounsfäege Bauprojet do ze realiséieren.

Positiv ass, dass d'Planungskonzept elo feststeet, mä zum heitegen Zäitpunkt ass Belval-West ëmmer nach eng Industriebrooch, wou zwar vill geschafft gëtt, mä wou déi noutwendeg Infrastrukturen nach net fäerdeg sinn.

Doriwwer eraus ass et awer wichteg, dass och am Héichbau esou bal wéi méiglech op enger Plaz konkret ugefaange gëtt. Ech begréissen duerfir d'Matdeelung vun der Madame Minister Erna Hennicot-Schoepges, dass d'Aarbechte fir déi am Volleksmond genannte Rockhal schonn dëse Juli kéinten ulafen, fir dann am Joer 2005 betribsfäeg ze sinn.

Impressionéiert hu mech d'Objektiver aus dem Projet, déi esou ëmrass sinn: „Le Centre de Musique se définit à la fois comme un lieu de spectacles, de pratique artistique, de répétition, de création, un lieu de rencontre, d'information, d'échanges et de réflexion, un espace d'expérimentation et d'encouragement à l'initiative. Le Centre de Musique sera consacré à toutes les formes d'expressions croisant les musiques amplifiées et s'adressera à un large public diversifié en accueillant des musiciens professionnels aussi bien qu'amateurs."

Wat sinn dann elo déi Punkten, déi ee bei deem neie Projet muss méi genee ënnert d'Lupp huelen an déi am Virfeld scho vu Kolleegen aus der Oppositioun ugesprach, respektiv kritiséiert goufen?

Dat ass éischtens de Gestehungspräis, dee sech vu 444,2 Millioune Frang, laut dem deemolege Rapporteur, dem Här Mathias Greisch, dono awer bei Noberechnungen op 790 Millioune Frang sollt belafen, also no bäi ronn 20 Milliounen Euro op elo 29.623.000 Euro gewuess ass. Heizou sief bemierkt, datt ee keng Äppel mat Biren oder soll ech léiwer soen Äppel mat Meloune vergläichen dierf.

Den éischte Projet war e minimale Kompromiss fir d'Gebléishal, déi virun 90 Joer gebaut gouf, zur Halschent als Rockhal ëmzebaue fir maximal 5.000 Leit, woubäi 750 Sëtzplazen abegraff waren. Nodréiglech huet sech dann erausgestallt, datt dëse Projet weder d'Usprëch un elementarem Confort, nach u Fonctionnalitéit, nach u Sécherheet erfëllt hätt. Des Weidere war ënnerlooss ginn den Zoustand vum Daach ze ënnersichen, dee sech dann als staark reparaturbedürfteg erwisen huet, wat schlussendlech zu engem onvertrietbare Gesamtpräis fir eng un a fir sech primitiv Musekshal gefeiert hätt.

Wat elo deen neie Projet ubelaangt, deen eis haut virläit, an de Rapporteur huet lech all seng Virdeeler erkläert, esou dierf ee mat Iwwerzeegung soen, datt d'Madame Minister Hennicot an hirer duebler Fonctioun als Kultur- a Bauteminister hirer Aufgab an allen Hinsichten nokoum.

Als Deputéierten erliewen ech et permanent, datt besonnesch am Zentrum an uechtert d'Land a Pruechtbauten investéiert gëtt. Duerfir begréissen ech et als Süd-Deputéierten, dass d'Regierung och bei dem Kulturprojet op där Plaz, wou de Wuelstand vum Land geschafe ginn ass, net geknéckt huet.

Als zweete Punkt ass et d'Gesamtzuel vu 4.000 Plazen déi kritiséiert gëtt. Et sief widderholl, datt et sech bei dësem Projet wuel verstanen ëm 1.500 Sëtzplazen an 2.500 Steeplazen handelt, déi alternativ als 3.000 Sëtzplazen aménagéiert kënne ginn.

Hei sief positiv ervirgestrach, datt den Accès handicapéiertegerecht aménagéiert gëtt an datt speziell Plaze fir dës Matbierger virgesi sinn.

Doniewent sief da bemierkt, datt laut Erfahrungswäerter 85% vun de Spektakelen e Maximum vun 3.000 bis 4.000 Persounen uspriechen. An der Moyenne si bei dëse Concerten ongeféier 2.250 Persounen um Dill.

Wann elo verschidde Kreeser behaapten, de geplangte Centre de Musique amplifiée misst op d'mannst 5.000 Plazen ubidden, sou wëll ech de Kolleeg Zanussi aus senger Ried vum 5. Mee 1999 zitéieren: „D'Zuel vun de Plazen ass opgrond vun den Aussoe vun de Concertsveranstalter vun dohier berechtegt, well se neierdéngs soen, datt et besser ass dräi Concerte mat 5.000 Leit ze maachen, wéi ee Concert unzesetze mat 15.000 Leit, wou keng 15.000 kommen. De Risiko fir en Echec ze kréie bei dëser Quantitéit ass méi kleng, an dofir ass éischter d'Tendenz a Richtung vu méi klengen Hale mat méi klenge Kapassitéiten."

Grad sou kéint een haut behaapten…

***(Interruptions)***

D'Zuel vun de Plazen ass opgrond vun den Erfahrenswäerter a sou fair berechtegt, well et besser ass dräi Concerte mat 4.000 Leit ze maache wéi ee Concert unzesetze mat 12.000 Leit, wou keng 12.000 kommen. De Risiko fir en Echec ze kréie bei dëser Zuel ass méi kleng, an dofir soll een éischter a Richtung vu méi klengen Hale mat méi klenge Kapassitéite goen.

Heizou wëll ech och de Kolleeg Lucien Lux zitéieren, deen am Mee 1999 a senger Ried vun enger Gréissenuerdnung vu 4.000 bis 5.000 Plaze geschwat huet. Sécher ass datt d'Concerten, déi jeeweils méi wéi 4.000 Leit unzéien, fir Gemenge wéi Esch a Suessem, déi sech an direkten Anzugsgebitt befannen, mat groussem Opwand verbonne sinn. Heibäi muss een och un d'Awunner denken, déi, wann d'Uerdnungskräften iwwerfuerdert sinn, ëm hir Sécherheet fäerte mussen.

Der Madame Minister wëlle mer awer besonnesch un d'Häerz leeën e Maximum ze ënnerhuele fir d'Isolatioun optimal ze maachen, fir d'Awunner net muttwëlleg mat vill Kaméidi ze belästegen.

Wa sech Spektakelen ubidden, déi wierklech mat vill méi wéi 4.000 Leit rechne musse fir rentabel ze sinn, dann hu mer hei zu Lëtzebuerg d'Coque, déi bis 8.000 Leit faasse kann a wou d'Stad Lëtzebuerg besser Méiglechkeeten huet fir fir Uerdnung a Sécherheet ze suergen.

Als drëtte Punkt geet et ëm déi nëmmen 175 ënnerierdesch Parkplazen, ofgesi vun deene Parkingsméiglechkeeten déi sech op anere Plazen um Site befannen. Dëst ass eng Tatsaach, déi een natierlech kritesch beliichte muss.

***(Interruption)***

Merci. Perséinlech fannen ech et och ongenügend, well ech den Hang zum eegenen Auto vun eise Matmënsche kennen. Ech loosse mech awer gären enges Bessere beléieren, an d'Virstellunge vu gutt organiséierte Kollektivtransporter héiere sech jiddefalls gutt un. Eis gréng Kolleegen heibanne musse jiddefalls heidriwwer begeeschtert sinn.

***(Brouhaha général)***

D'Aussoe vum Transportminister, deen e flexibelen Asaz vun der Eisebunn versprécht, den TICE, dee säin Haaptsëtz virun der Dier vun Esch-Belval huet a mat Sécherheet an dësem Kontext besonnesch gefuerdert ass, an och den Asaz vum RGTR kënnen hei mat guddem Wëlle Problemer léisen. Ëmmerhi goufen um Site Belval-West Erfahrunge gemaach beim Event „Steelworx", wou sech 50.000 Leit afonnt haten. Doriwwer eraus muss ee sech bewosst sinn, datt kulturell Spektakele sech an der Regel ausserhalb vun deenen Zäiten, wou de Beruffsverkéier intensiv ass, ofwéckelen.

Als véierte Punkt bleift dann nach dat wat de Kolleeg Garcia mat senger Proposition de loi 4737 beliicht huet.

Am Fong huet hie scho Recht, Här President, well esou ee Musekzenter kann ouni Gestiounsstruktur net fonctionnéieren. Komplimenter un den Här Robert Garcia fir seng Fläissaarbecht, …

**Plusieurs voix**.- Oh!

**M. Ady Jung** *(CSV)*.- …déi een allerdéngs als Gestiounstruktur zum éischte Projet 4545 muss gesinn. D'Madame Kulturminister huet nämlech mam Projet 5103 e passende Gestiounsprojet abruecht, dee spezifesch op deen neie Bauprojet 5055 ugepasst ass, iwwert dee mer haut hei befannen. D'Proposition de loi Garcia gëtt also domat hifälleg.

An dësem Kontext wëll ech en Auszuch zitéieren, deen ech den 22. Dezember 2000 am Lëtzebuerger Land gelies hunn. Do stoung iwwert d'Proposition de loi 4737: „Hormis le fait que Janis Joplin n'est ni particulièrement vivante ni particulièrement représentative de la musique d'aujourd'hui, il mit ainsi le doigt sur le prochain problème, non traité par l'équipe Bodry: Qui gérera cette salle et selon quels critères?" Abee, dës Kritäre sinn elo festgehalen am Projet de loi 5103, dee wéi gesot de 5. Mäerz 2003 vun der Madame Kulturminister déposéiert gouf an dee mer deemnächst hei an der Chamber stëmme wäerten.

Zum Ofschloss wëll ech aus deemselwechten Artikel vum Land zitéieren: „Les socialistes ont bien encore réussi à faire voter d'urgence la salle de rock, mais il s'avère que cela n'était qu'une manoeuvre électoraliste, le projet ayant été loin d'être réalisable. L'Etat n'était même pas encore propriétaire du terrain."

Haut sinn déi Problemer geléist. Mir vertrauen op d'Ministesch datt si elo d'Äerm eropstréppt, fir den éischte Spuetstéch ze maachen, …

***(Hilarité)***

…fir datt esou bal wéi méiglech do jonk Leit, an déi déi jonk bliwwe sinn a wëlle bleiwen, gutt Musek kënnen erliewen. Dëst gesot, Här President, iwwerbréngen ech den Accord vun der CSV-Fraktioun zum Projet de loi 5055 a soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch agedroen. D'Wuert huet d'Madame Mutsch.

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ginn tatsächlech ganz héich Erwaardungen un deen heite Projet geknäppt. Net nëmme well mer schonn zënter Joren op eng Rockhal waarden, mä och well de Rockhal-Projet als Startschoss gesi gëtt fir de Gesamtaménagement op der Friche Belval-West, déi hiersäits soll Modellcharakter kréie fir de Strukturwandel am Süden anzelauden. D'Lat läit also ganz héich, an dofir muss och deen heite Projet, genee wéi dee Gesamtprojet un deen e geknäppt ass, e Succès ginn.

Mir hunn eis am besonnesche mat der Fro beschäftegt, ob déi heite Rockhal, déi mat groussen Erwaardungen och vu Säite vun der Regierung ugekënnegt ass, déi grouss Erwaardunge kann erfëllen an hirem gudde Ruff, deen hir jo virausgoe soll, och ka gerecht ginn.

An der Vergaangenheet ass oft gesot ginn, vu Säite vun der Oppositioun un d'Adress vun der Regierung, dass méi a Maueren investéiert gëtt wéi a Mënschen. Eis huet déi Fro och interesséiert am Zesummenhang mat der Rockhal. Et gëtt sech vill gebretzt, dass d'Bereetschaft do ass fir eng ganz grouss Zomm vu Suen an déi heite Rockhal ze investéieren. Während mer viru Joren e Projet hei gestëmmt hunn, dee bei 6,7 Millioune loung, leie mer elo bei 29, bal 30 Milliounen Euro.

Dat ass eng relativ grouss Steigerungsrat, quitte dass, wéi et richteg hei gesot ginn ass, et sech ëm zwee verschidde Projeten handelt. Mä esou schlecht ka jo zumindest awer de Projet selwer net gewiescht sinn, soss wier net deen nämlechte Bureau d'architectes beoptraagt gi fir och deen neie Projet auszeschaffen. Just dass e wahrscheinlech mat op de Wee kritt huet, dass en dierft esou vill méi kaschten.

Wéi ass et also mat deem Reproche dee gemaach ginn ass, och am Virfeld zum Rockhalprojet, dass hei net d'Prioritéit dra loung fir an eng liewesch Kultur ze investéieren, mä haaptsächlech e prestigiéist Gebai sollt dohi kommen? Wéi ass et mat deem dote Virworf? Wat mécht iwwerhaapt de Succès vun enger Rockhal aus, wéi se elo geplangt ass? An ech bleiwen, wann der mer erlaabt, bei deem Numm.

Ma jo de Succès gëtt wahrscheinlech definéiert vun der Qualitéit vun deenen déi herno fir d'Programmatioun zoustänneg sinn, fir d'Veranstaltungen ze programméieren, fir d'Animatioun ze maachen. D'Qualitéit gëtt massgeblech bedéngt duerch d'Qualitéit vun de Künstler, vun de Gruppen déi do optrieden, an d'Qualitéit gëtt och an haaptsächlech bedéngt doduerjer wéi den Aklang herno beim Grand public ass, dat heescht wéi de Client, wéi d'Zilgruppen herno sech mat deem Projet ausernanersetzen.

Dofir sief et erlaabt am Virfeld eng Rei vu Froen ze stellen, fir ze wësse wéi een Usaz, wéi ee konzeptuellen Usaz bei deem heite Projet et gouf? Wie gouf beim Konzept befrot? Wien huet hei am Land d'Kompetenz bei Veranstaltungen, bei Animatioun vun esou Veranstaltungen, wéi se spéider an där doter Struktur solle stattfannen? Net nëmme wat d'Gruppen ubelaangt, déi herno do sollen optrieden, mä och wat d'Kontakter ubelaangt fir iwwerhaapt kënnen e Programm ze maachen, eng Programmatioun ze maache fir den Accueil herno ze assuréieren, fir och d'Betreiung vun de Leit herno ze maachen? Fir ween ass déi Hal hei prioritär geduecht? Wee soll da spéider d'Programmatioun maachen? Wee sinn d'Zilgruppen a wéi soll se herno fonctionnéieren? Ma jo, eng Fro sief vläicht am Virfeld erausgegraff:

Fir ween a mat weem gouf déi heiten Hal geplangt?

Mir hunn an der Kommissioun, déi zwee oder dräimol hei iwwert dëse Projet geschwat huet, haaptsächlech als Kontaktgrupp Backline genannt kritt fir d'Crédibilitéit hierzestellen, dass en connaissance de cause eng Gesamtplanung ronderëm dës Hal stattfonnt huet. Dofir: Ween ass Backline? Ma jo wann een op de Site vun deem Groupement geet, dee sech selwer als representativ ugesäit fir d'Lëtzebuerger Musekszeen, da fënnt een do d'Nimm vun enger Dosë Leit, déi vu sech selwer soen, si wieren do fir d'Promotioun ze maache fir de Lëtzebuerger Rock a Pop, fir d'Solidaritéit ënnert de Museker ze förderen, fir eis Lëtzebuerger Zeen ze encouragéiere fir eemol am Joer e groussen Event, en Trampolineconcert ze organiséieren - wat ëmmer dat ass - a fir e Rockbrunch ze organiséieren. Dat war also den Haaptinterlocuteur fir d'Konzept vun dëser Rockhal op d'Been ze bréngen.

Wéi ass dann awer hei zu Lëtzebuerg d'Saach ronderëm d'Veranstaltunge vu Rockconcerten? Backline taucht zumindest an där Lëscht, déi mir fir dat Joer hunn, op dat sech och am Gesetzestext referéiert gëtt fir 2001, iwwerhaapt net op als Veranstalter. Dat heescht, si hu keng Kompetenz a Veranstaltungen, respektiv a Veranstaltung vun Evénementer wéi se hei viséiert sinn. Wéi war nämlech 2001 d'Situatioun hei am Land? Ma jo, mir hate ganz genee - ech hunn dat Joer als Referenzjoer geholl, well dat och d'Referenz am Projet de loi ass - 74 Concerten hei am Land. 74 Concerten. Déi haten eng Moyenne vu 400 Spectateuren. 400. Fënnefmol war een Evénement mat méi wéi dausend Leit an dräimol waren déi Infrastrukturen, déi haaptsächlech fir esou Evénementer zur Verfügung stoungen, vu méi wéi dausend Leit besicht.

Wie waren d'Organisateuren? Ma jo, dat waren haaptsächlech fënnef Groupementer, wou deen Éischten d'Kulturfabrik war, deen Zweeten den Atelier an deen Drëtte Luxevents. Am Atelier an an der Stad Lëtzebuerg hunn de Gros vun deene Veranstaltunge stattfonnt, nämlech 26. An um Site vun der Kulturfabrik hunn der 23 vun deene Veranstaltunge stattfonnt, an déi drëtt gréisst Zuel zu Déifferdeng, 7 Veranstaltungen. Dat war also d'Situatioun wéi mer se 2001 hei am Land haten, a wéi gesot, do taucht Backline net op.

Et ass och esou, an do kënne mer hei formell sinn, vun deene Veranstalter, ech hunn déi aner elo hei net genannt, well et sinn och nach e puer méi klenger dobäi, ass keen, awer och guer kee kontaktéiert ginn am Virfeld fir de Konzept vun dëser Hal ze erstellen. Dat muss lo nach näischt ze dinn hu mat der spéiderer Gestioun oder mam Fonctionnement, wou ee ka soen, mir wëllen eis als Etablissement public fräi Hand loossen an eis net a privat Hänn ginn. Mä zumindest awer fir de Konzept auszeschaffen, wier et awer mengen ech kee Luxus gewiescht fir e klengt Gespréich mat deem engen oder aneren ze féieren, deen en Know-how op deem Gebitt huet.

Lo waren dat doten eng Rei vun Zuele wéi d'Situatioun am Joer 2001 war. Ech rappeléiere se. 74 Concerten. Eng Moyenne vu 400 Persounen. Fënnefmol méi wéi dausend Persounen, déi un esou Evénementer Deel geholl hunn. Dat changéiert dann elo radikal. Radikal changéiert dat, well mer elo eis Rockhal kréien. Op ënnerschiddlechen Tribünen, Pressekonferenzen, Conseil de Gouvernement, an de Chamberskommissiounen, goufen Aussoe gemaach, haaptsächlech vun der zoustänneger Ministesch. Déi schwätzt vun enger Moyenne vun 2.250 Spectateure vun där ee géif ausgoen. 2.250 Spectateuren, a wou de Conseil de Gouvernement d'Ausso ronderëm d'Rockhal un d'Press ginn huet mat deenen Eckdaten, déi dorunner houngen. Do ass gesot ginn, et géif gerechent ginn, wann déi Hal funktiounsfäeg wier an e bësse sech arodéiert hätt, mat 200.000 Visiteure pro Joer. Dat wieren 166 Manifestatioune pro Joer mat Plusminus 1.200 Spectateure pro Evénement, all zweeten Dag ongefëier.

Et ass och gesot ginn an der Kommissioun vun der Madame Minister, dass am Ausland, och a Strukture wou nëmmen 2.000 Persounen erapassen, ëm déi 400 Evénementer pro Joer kënne Spilles assuréiert ginn. Et ass, niewebäi gesot, och projezéiert fir ëm déi 200 Evénementer an dem Hall philharmonique um Kierchbierg ze maachen. Do sief et awer zumindest erlaabt ze froen, wéi mer dat dote wëllen ustellen. Et sief erlaabt ze froen, wéi mer dat wëllen ustellen.

Déi Fro ass dann och an der Kommissioun gestallt ginn. Dunn huet d'Madame Minister gesot - dat war och am Zesummenhang mat der Fro no der Gréisstenuerdnung -, ma jo si hätt Lëschten do leien, dräi Säite laang, vun internationale Gruppen, déi elo scho sech géifen interesséiere fir op esou enger Plaz ze spillen.

***(Interruption)***

Vu méigleche Gruppen.

***(Interruption)***

Ech kann de Rapport vun der Kommissioun siche goen a virliesen, wou dra steet: „Madame le Ministre informe la Commission que le Ministère dispose dès à présent d'une liste de groupes qui ont manifesté déjà maintenant leur intérêt pour pouvoir" an esou weider. Et steet esou am Rapport a vu dass ech och an der Sëtzung dobäi war, kann ech och confirméieren, dass de Rapport dat erëmgëtt, wat an der Kommissioun gesot ginn ass.

Dunn hu mer dann déi dräi Säite kritt. Bon, ech wëll elo net behaapten dass ech e grousse Kenner vun der Gesamtzeen sinn, mä erlaabt mer awer do meng Zweifelen unzemellen an och d'Zweifele vun eisem ganzem Grupp, wann elo gesot gëtt, dass Gruppe wéi U2, The Cure oder d'Mariah Carey - ech hunn elo bei deenen 200 déi erausgeholl, déi mer spontan agefall sinn - just drop lauere fir spéider op Esch an d'Rockhal ze kommen, well: Wéi ass et dann am Moment mat eiser Coque? Do kënnen dach elo scho bis zu 8.000 Spectateuren empfaange ginn a wat hate mer bis elo: zweemol de Garou mat 4.500 Persounen an eemol den Aznavour mat ënner 4.000 Persounen an engem Joer. Dat heescht mir wäerten elo radikal alles iwwert d'Kopp geheie wat un Erfahrungswäerter bei eis am Land entre-temps war. Wou gi mer dann déi 166 Manifestatioune mat plus/minus 1.200 Spectateure pro Evénement sichen?

Dat waren elo déi Haaptäntwerten, déi mir kritt hunn, wou mer gesot hunn, wann ee wierklech an déi Divisioun vun deenen, déi ech elo éineschters anhand vun e puer Beispiller genannt hunn, goe wëllt, da muss ee grouss denken. Mä wann ee grouss denkt, dann hu mer am Fong schonn entspriechend Infrastrukturen, déi elo schonn operationell sinn, mä déi dat schonn net assuréiere kënnen, wat mer eis do virstellen.

Dunn ass awer haaptsächlech zu eis gesot ginn déi doten Hal - an duerfir wahrscheinlech och den Interlocuteur Backline als soi-disant Représentant vun der Lëtzebuerger Musekszeen - wier och fir eis Lëtzebuerger Musekszeen en valeur ze setzen. Dat ass eng nobel Ausso an déi kënne mir nëmmen ënnerstëtzen.

Duerfir sinn och an där Struktur sechs Salles de répétition virgesinn, wou am Duerchschnëtt dräi bis véier Persounen übe kënnen. Et ass e Sall vu 60 m² an ee vun 145 m² virgesinn. Déi aner Säll hunn 12 m². An deem groussen ass Danz virgesi gi fir plus/minus 15 Persounen.

Eis Lëtzebuerger Gruppen hätte jo hei am Land wierklech eng kleng Opmierksamkeet verdéngt. Där Meenung si mir och, well wa si zu dësem Zäitpunkt wëllen a Saache Congé culturel eng kleng Ouverture kréien oder wa si wëllen eng Hëllefstellung kréien, wann et drëm geet eng CD och nëmmen ze enregistréieren, oder wa se wëllen eng international Carrière ustriewen a Videoe maachen: Wéi vill Infrastrukture sinn dann do fir si bei deene Saachen ze encouragéieren?

Wéi gi si encouragéiert an hirem künstleresche Schaffen? Hunn eis Radioen hei am Land eng Obligatioun fir eng bestëmmten Unzuel vu musikaleschen Duerbiddunge vu Lëtzebuerger Gruppen ze brénge fir se zum Beispill ze förderen? All dat ass net do an duerfir ass déi Ausso, déi gemaach ginn ass, dass d'Rockhal och soll do si fir der Lëtzebuerger Musekszeen ze hëllefen, bei eis op oppen Diere gefall.

D'Fro déi sech just an deem Zesummenhang stellt ass, wéi et dann herno ass mat deenen 350 Lëtzebuerger Museker, déi mer hunn, an déi da wuelverstanen a sechs Salles de répétition mat dräi bis véier Leit übe kënnen. D'Madame Minister huet op enger Pressekonferenz gesot, dass mer 30 Gruppen hätten, an 800 Studenten déi Musek maachen. Wéi ass et da virgesinn, dass déi sech herno an där doter Struktur manifestéiere sollen? Et ass da gesot ginn, dass fir déi Lëtzebuerger Gruppen haaptsächlech dee Sall do ass vu 500 Leit.

Meng Fro ass déi: Ass dann och dee Sall vu 500 Leit modulabel an ass iwwerhaapt dee grousse Sall modulabel? Et ass gesot ginn dass e modulabel ass, mä wéi ass e modulabel? Gi Blummestäck dertëschent gestallt? Gi kleng Trennwänn gemaach, fir dass e modulabel ass? Huet een den Androck, dass een an enger ausverkaaftener Hal ass, och wann een als Lëtzebuerger Grupp an engem Sall vu 500 Leit bei engem Public vun 30 Leit à la rigueur spillt? Déi 74 Gruppen, déi 2001 hei am Land waren a virun enger Moyenne vu 400 Persoune gespillt hunn, kommen déi an dee klengen oder an dee grousse Sall? Huet een dann do d'Gefill wéi wann een an engem ausverkaaftene Sall ass oder huet een do d'Gefill wéi wann dee Sall vu 4.000 Leit, wéi e virgesinn ass, awer net occupéiert wier?

Elo ass et jo awer esou dass gesot ginn ass - mir hu jo déi dräi Säite kritt -, dass déi doten Hal awer duerchaus soll Spectateuren an enger Gréisstenuerdnung vu 4.000 Persounen unzéien. Do wier ech interesséiert herno Detailer ze kréie wéi mer dat dote sollen ustellen. Allerdéngs ass da gesot ginn et géing gekuckt ginn eng Complémentaritéit mat de bestoenden Haiser ze fannen.

Ma jo, fir Iech nëmmen e Beispill ze ginn: D'Kulturfabrik zu Esch huet zwee Säll vun enger vergläichbarer Gréisstenuerdnung an déi sinn ongefëier zu zwee Drëttel vun der Zäit occupéiert. Allerdéngs, an dofir hu mer gesot dat ass eng ganz positiv Saach, sinn d'Salles de répétition, déi an der Kulturfabrik sinn, nonstop ausgebucht. Dat heescht de Widdersproch ass evident.

Op där enger Säit gëtt gesot mir maachen eng Hal wou mer virun allem Lëtzebuerger Museksgruppe wëllen en valeur setzen. Da maache mir awer just sechs Salles de répétition mat engem Studio fir Enregistrementer ze maachen. Et ass grad do wou een hätt kënnen en Akzent setzen, wann ee wierklech hätt wëlle crédibel si fir Lëtzebuerger Museksgruppen ënnert d'Äerm ze gräifen. Op där anerer Säit gëtt awer gesot mir gesi grouss. Ma jo, dann ass eis Äntwert dorobber, dass mer entweder ze grouss oder ze kleng gesinn. Dëst Konzept läit iergendwou dertëschent. Et ass weder dat eent nach dat anert.

Et ass kee Konzept wat eis Lëtzebuerger Musekszeen befriddegt, well vun deenen 350 Museker, 30 Gruppen an 800 Studenten, déi Musek maachen, wäerten der net vill hiert Gléck an deene sechs Säll fir dräi bis véier Persounen oder deem enge Sall vu 60 m² fannen. Si hunn och domat nach keng eng zousätzlech Hëllefstellung kritt fir hir alldeeglech Aarbecht. Op där anerer Säit sinn déi Grouss, déi wierklech Grouss, déi hei vun engem vun de Spriecher vun der Oppositioun genannt gi sinn, net un enger Struktur interesséiert, wou eng maximal Begrenzung op 4.000 Persounen d'Limite ass.

Dat heescht dass, wann déi Gruppen, déi op deenen dräi Säite stinn, déi mir vun der Madame Minister kritt hunn, sollen heihinner kommen, da solle se wie gehabt an d'Coque kommen, an do ass d'Coque eis bis elo nach de Beweis schëlleg bliwwen, dass all Struktur, déi dofir ka genotzt ginn, iwwerhaapt dofir operationell genuch ass. Dat zu der Fro vum Konzept, mä vu dass mäi Fraktiounskolleeg, den Zanussis Marc, och nach herno dorobber ageet, wäert ech mech dann heirobber limitéieren.

Et ass dann och berechtegt d'Fro ze stelle wéi et mam Accès zum Site ass a wéi et mam öffentlechen Transport ass, dem grousse Schwaachpunkt vun dësem Projet. Do sinn d'Aussoe vun ënnerschiddleche Membere vun der Regierung ganz ganz ënnerschiddlech. Während vun der Madame Minister gesot gëtt, dass mer hei ëmmerhi wëlles hunn eng Infrastruktur ze kréie wou mer all zweeten Dag wëlle Veranstaltunge maachen, wann net souguer all Dag, wou geschwat gëtt vun am Duerchschnëtt 2.000 Spectateuren a wou geschwat gëtt vun 166 Manifestatioune pro Joer, wou geschwat gëtt vu plus/minus 1.200 Persoune pro Evénement, dat sinn 200.000 Visiteure pro Joer, huet eisen Transportminister an der Réunioun, déi speziell dofir do war fir d'Froe ronderëm den Transport geléist ze kréien, gesot: „Wat solle mer eis elo scho sou vill Gedanke maachen, 2005 wäerte maximal 400 Leit op deem Site schaffen, a schliesslech ass d'Rockhal jo net do fir do all gudden Dag eng gréisser Manifestatioun ze maachen."

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Also et ass entweder dat eent oder et ass dat anert. Loosse mer mol soen, et wier dat eent. Loosse mer mol soen et wier dat, wat elo als Ausso komm ass vu Säite vun der Madame Kulturminister a vum Conseil de Gouvernement, an et géing mat 200.000 Visiteure pro Joer gerechent ginn, mat 166 Manifestatioune pro Joer, an dass sech orientéiert gëtt um Ausland, wou 400 Evénementer pro Joer kënne stattfannen, an enger Struktur déi och nëmmen 2.000 Leit kann emfänken.

Loosse mer mol soen dat wier d'Haaptausso vun der Regierung, wa se eng Optik op déi heite Rockhal hëlt. Ma jo dann ass eis Fro: Wat geschitt da mat de Leit, déi herno wëllen an déi Rockhal kommen? Wat geschitt mat deene Leit, déi all zweeten Dag op eng Manifestatioun kommen? Wat geschitt wann all zweeten Dag Manifestatioune sinn? Wat geschitt wann 200.000 Visiteure pro Joer herno sollen an d'Rockhal kommen? Ma jo ganz einfach, da muss een entspriechend Infrastrukture virgesi fir déi Leit ze emfänken déi op de Site kommen. Wat ass dann elo d'Äntwert vun der Regierung? Ma jo, 127 Parkplazen.

Ech wëll dat elo hei net an d'Lächerlecht zéien. Mir si ganz gewëllt fir déi Ausso, déi d'Regierung gemaach huet - déi de Minister Wolter an deenen zwee Joer andauernd gemaach huet, wann et ëm de Gesamtaménagement vum Site Belval-West gaangen ass -, fir dem öffentlechen Transport iewescht Prioritéit anzeraumen. Mir stinn hannert där Ausso an d'Regierung fënnt dodranner an eis e groussen Alliéierten.

Mir sinn dofir och der Meenung, dass et richteg ass fir d'Parkplazenzuel kleng ze halen, sous condition - an da kënnt et - dass dann awer och den öffentlechen Transport déi Roll kann iwwerhuelen, wéi et ugekënnegt ginn ass. De Minister Wolter huet kierzlech nach eng Kéier gesot - an dat ass am Fong de Resumé vun der Politik ronderëm de Site Belval-West an deene leschten zwee Joer, ronderëm de Masterplang, ronderëm den hollänneschen Architekturprojet, wat dauernd d'Marschroute war -, dass um Site Belval-West e Modal split vu 40/60 viséiert ass.

40/60, am neie Programme directeur vum Aménagement du territoire ass d'Richtlinn 25/75 - also 25% öffentlechen Transport als Richtlinn fir d'Regierung - fir déi nächst Jore fir d'ganzt Land. Et ass awer ëmmer gesot ginn, vu dass de Site Belval soll Modellcharakter hunn, et soll do e Modal split vu 40/60 uviséiert ginn, an dee Modal split gëtt och reflektéiert bei der Gesamtkonzeptioun ronderëm de Site, souwuel vun den Architekte wéi och vun der Entwécklungsgesellschaft, wou de Stat ëmmerhin zu 50% Aktionär ass, wéi och vun deenen zwou Gemengen. Dat ass also d'Marschroute.

Dofir ware mir an der Logik, a sinn als Gemengen an als LSAP-Fraktioun och nach ëmmer an der Logik, dass een dofir e Verband vu verschiddene Mesuren a Saachen öffentlechen Transport muss hunn, och a grad am Zesummenhang vum Projet Rockhal, well dat jo de Projet-phare ass vum spéideren Aménagement vum gesamte Site.

Et war eng Kombinatioun vun engem Konzept ronderëm d'Schinn, ronderëm en Tram a ronderëm de Bus. Wat hu mer elo am Moment? Ma jo, mir hate jo extra eng Réunioun de 17. um Site, wou et sollt drëm goe fir do e konkreten Opschloss doriwwer ze kréien. Ma jo, wat hu mer als Upak elo um Dësch, wou och den Transportminister gesot huet, hie géif sech dofir engagéieren? Ma jo mir hunn den Engagement vun der Regierung fir de Südbahnhof nees a Betrib ze huelen. Dat heescht fir déi bestoend Gare, déi schonn um Indutriesite besteet, nees en fonction ze huelen; an dat ass och eng ganz wichteg Saach.

Do hu mer da gefrot, wéi eng Zich dann do sollen hikommen. Ma jo, do ass eis gesot ginn, dat wieren dann déi Zich déi op d'Escher Gare kommen, déi da vun der Escher Gare weider op de Site fueren a spéider och a Richtung Belvaux-Centre, wou se dann zwee, dräi nei Halte géife kréien; dat awer an enger zweeter Phas. Dat heescht, mir hätten en Zuch op de Site, fir vun Esch-Centre op de Site ze kommen.

Elo ass et jo awer net esou dass jiddferee vun deene Leit, déi dann do op deenen 166 Manifestatiounen all zweeten Dag solle sinn, wäert soen, ma jo flott, da ginn ech op d'Escher Gare an da loossen ech do mäin Auto stoen - da musse mer nach kucke wou hien da säin Auto stoe léisst -, dann huele mer dann den Zuch a fueren dann op de Site. Do ass eis gesot ginn, et kënnt e ganz performante Bussystem. Jo, dat ass an der Rei. Vill méi prezis war dat doten awer net. Well dat ass alles nach…

***(Interruption)***

Ech si frou fir déi dote Remarque, dass et un der Gemeng ass. Ech kommen nach dozou.

Do ass gesot ginn, wat de Bus ubelaangt maache mer du sur mesure, wéi beim Wëlzer Festival. Mir maachen du sur mesure, wéi beim Wëlzer Festival. Ech wëll guer

näischt géint de Wëlzer Festival soen, dat ass e grousse Succès, dat ass eng ganz flott Geschicht, mä ech weess awer net ob dee Verglach hei appropriéiert ass.

Et ass du gesot ginn: Ma jo, Dir hutt dat dach zu Esch flott gemaach, op Ären zwee Concerten déi Dir do hat. Jo, mir hunn dat flott gemaach, mä just dass dann zwou Dosë Leit ronderëm d'Auer während dräi Wochen amgaange si Quartieren ofzespären, Busnavettë mat der CFL a mam TICE ze organiséieren, an zwar op Käschte vun der Gemeng, an dann ass et och en plus e schlechte Verglach, well wann een e Festival huet dee vun zwielef Auer Mëttes bis zwielef Auer an der Nuecht ass, da kommen zu jiddfer Zäitpunkt Leit un an et ginn och zu jiddfer Zäitpunkt Leit fort.

Mä wann een awer eng Verantstaltung an der Rockhal huet, vu loosse mer och nëmme soen dausend Leit, da komme si dohinner wann de Concert ugeet, ëm aacht Auer, a si gi fort wann de Concert ëm eelef Auer fäerdeg ass. Wéi packe mer dat dann? Huelt d'Beispill vu 4.000 Leit. Wéi packe mer 4.000 Leit? Do bräichte mer 40 Bussen, den TICE eleng huet e Bestand vu 50 Bussen. Dat si jo Absurditéiten, wann een dat esou matenee vergläicht. En plus hu mer keen Zäitplang, wéini d'Mise en oeuvre vun deem gesamte Buskonzept soll sinn.

Da war eis gesot ginn, mir kriten um Site en Tram, deen net soll nëmmen de Site selwer desservéieren, mä och een Train-Tram, dee géif eng Weiderféierung vum Site a Richtung Stad maachen.

Ma jo, de Kolleeg Buergermeeschter vu Suessem war hei ganz optimistesch, hien huet gesot, dat wier nach an der Etüd, dat géif nach gepréift ginn. Ma jo, mir hu jo awer vum Minister Grethen eng ganz däitlech Ausso an där Réunioun vum 17. Mäerz kritt. Mir hunn d'Ausso kritt, an ech zitéieren: „Wann Der mech haut frot, kënnt den Tram Jo oder Neen, da soen ech Neen", an dunn huet hie gesot: „Vläicht kéint am Zesummenhang mat engem Train-Tram Richtung Esch Lëtzebuerg…".

Richtung Esch Lëtzebuerg, et ass mol guer net geschwat gi fir elo déi aner Deeler vum Süden, a Richtung vun Déifferdeng oder déi wou herno solle matugebonne ginn un de Site; dovunner wëll ech elo mol net schwätzen. Dunn huet hie vun enger Zäitachs geschwat vun, am ideale Fall, 2015.

Ma jo, mir wëllen dach awer dass Belval ufänkt ze fonctionnéieren. Mir sinn dach awer amgaangen all déi PAPen do ze finaliséieren. Mir sinn dach amgaangen der Dexia ze soen, dass se kënnen d'nächst Joer ufänke mat bauen. Mir sinn dach amgaangen d'Ausso ze maachen, dass de Projet Rockhal an engem Gesamt-PAP mam Kino Utopolis soll fonctionnéieren. Dat heescht, mir kréien net nëmme Leit fir d'Rockhal, mä mir kréien och Leit fir de Kino Utopolis.

Da gouf gesot, mer kréichen e groussen Opfaangparking vu ronn dausend Leit op franséischer Säit. Ma dat wier mol eng gutt Geschicht. Wou ech mer dunn erlaabt hunn ze soen, dass d'Buergermeeschtere vun deene concernéierte Gemengen, déi nach virun annerhallwem Mount bei eis waren, nach näischt dovunner wëssen. Do ass eis gesot ginn, dass dat jo och net op deem Niveau diskutéiert gëtt. Dat ass, wéi wann een hei géif soen, hei zu Esch gëtt en Opfaangparking ronderëm d'Gare gemaach vu 500 oder 1000 Leit, awer et ass just den Distriktcommissaire dee sech drëm këmmert.

Dat ass dach onverständlech. Et ass dach onverständlech, wann dee Park & Ride soll an nächster Zukunft operationell sinn, dass da mol déi zoustänneg Gemengen nach net informéiert sinn. Mir sinn awer gäre bereet ze gleewen, dass dat innerhalb vu kuerzer Zäit méiglech ass, well dat ass absolut noutwenneg. Mä esouguer da wa mer en Opfangparking, e Park & Ride op franséischer Säit kréien, vu loosse mer soen 1.200 Leit, dat ass e Maximum: Wat maache mer da mat deene Leit déi net vu Frankräich kommen?

Erfahrungsgeméiss kommen op e Concert 50% aus dem Ausland, wann net esouguer méi. Wou fiert dann een hin dee vu Charleroi kënnt oder vun Arel? Ganz dovunner ofgesinn, dass souguer déi Haaptroute, déi vu Micheville Richtung Frankräich fiert, dass mer do nach ëmmer keen Zäitplang kennen, sou dass mir och nach musse fäerten als Gemengen, dass alles herno iwwert de Rond-point ofgewéckelt gëtt, am Quartier Rammerech, deen elo schonn zu Stousszäite komplett iwwerfuerdert ass.

Also resüméiert heescht dat, vun eiser Säit aus a Saachen öffentlechen Transport, dass dat Konzept, wou ëmmer gesot ginn ass, et géif begleedend zu de bauleche Mesuren an d'Weeër geleet ginn, einfach nach net do ass. Dass studéiert gëtt. Dass anticipéiert gëtt. Dass et en Transportminister gëtt, dee schonn Deeler dovunner erausgräift, dass se guer net méi dra sinn. Dofir ass dat bei eis net schlësseg.

Et gouf, an da kommen ech zum Schluss, vun engem Member vun der Majoritéit an enger vun de Kommissioune gesot, dës Rockhal ass e Cadeau fir Esch a fir d'Regioun vum Süden. Genee wéi dann och, huelen ech un, den Hall philharmonique an d'Coque um Kierchbierg e Cadeau fir d'Stad Lëtzebuerg a fir d'Regioun Zentrum ass an där Iddi. Mir waren net an där Logik fir d'Rockhal, wollte mir lech éierlech soen. Mir begréissen d'Rockhal als dezentraliséiert Infrastruktur, an dat ass gutt esou. Mir fannen et gutt dass soll dezentraliséiert ginn a mir fonctionnéieren net an deenen dote Schemen. Mä wann hei gesot gëtt, et ass ee Cadeau: Mä och e Cadeau muss ee sech ukucken, ob et ee gudde Cadeau ass. Déi deierst Auer notzt näischt wa se net tickt. Deier heescht net automatesch gutt.

Mir sinn awer bereet an deenen nächste Méint an och Joren déi konzeptuell Feeler, déi fir eis elo schonn evident si ronderëm dëse Projet, déi strukturell Problemer, déi virprogramméiert sinn, déi grouss Froe ronderëm den öffentlechen Transport, déi grouss Risike ronderëm de spéidere Fonctionnement, ze probéiere mat an de Gréff ze kréien. Mir bidden do eis Mataarbecht un. Mir si positiv agestallt. Mir mengen dass aus deem dote Projet kann eppes ginn. Mir begréissen en als Projet-phare fir de Gesamtaménagement vum Site an d'Restructuratioun vum Süde wéi se soll agelaut ginn a mir sinn dofir och bereet mat op de Wee vun engem Vote zu dësem Projet ze goen a stinn an der Zukunft fir d'Ëmsetzung dovunner mat gären zur Verfügung.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Den nächsten Orateur ass den Här John Schummer. Här Schummer, Dir hutt d'Wuert.

M. John Schummer *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischt wéilt ech dem Rapporteur Fred Sunnen merci soe fir säin detailléierten an excellente Rapport deen e virgedroen huet, souwuel mëndlech wéi och schréftlech, zu dësem Projet de loi iwwert d'Schafe vun engem Centre de Musique amplifiée, enger sougenannter Rockhal.

Ech stelle fest datt dëse Projet nom Dépôt mat amplifiéierter Schnellegkeet hei an de Plenum komm ass. Wat och gutt ass. Et gi Leit déi soen, do wou Musek ass do looss dech nidder, an et ginn der déi soen, la musique est un bruit qui coûte cher. Mir sinn eendeiteg bei deenen Éischten.

Et ass net fir d'éischt, datt mer eis an dëser Chamber hei mam Bau vun enger Rockhal befaassen. De 5. Mee 1999, kuerz virun de Wahlen - dat war sécherlech keen Zoufall - ass hei dem Här Bodry säi Projet de loi relative à l'aménagement d'une salle de concert pour jeunes diskutéiert ginn. Wéi wann nëmme Jonker sech géife fir net klassesch Musek interesséieren. Ouni wëllen elo op all eenzel Lacunen anzegoe vun deem deemolege Gesetzesprojet, fir net ze soe Wahlgadget. Fir d'Problematik a puncto Terrain, Infrastrukturen, Accès. Well mir schwätzen elo vum Accès. An dee Projet war jo, alleguerten déi Projete wat den Accès an Transport betrëfft, null, inexistent.

***(Interruption)***

An esou weider kann een…

***(Interruption)***

Loosst mech schwätzen, Här Bodry.

An esou weider kann ee kuerzfaassend soen, datt et sech beim Här Bodry sengem Concertssall an der Gebléishal ëm waarm Loft gehandelt huet.

***(Hilarité)***

Et sollt eng eidel Struktur an d'Landschaft geplanzt ginn. Ech soe bewosst an d'Landschaft, well mir hate jo weder den Terrain, nach eppes anescht. Mir hunn e Projet an d'Landschaft, an d'Luucht geplanzt.

***(Interruptions)***

Eng Struktur ouni Konzept, ouni déi néideg Startkonditiounen am Virfeld geschafen ze hunn. Ech widderhuele mech praktesch wuertwiertlech par rapport zur leschter Woch vun engem anere bâcléierte Projet vum Här Bodry, deen dës CSV-DP-Regierung och riicht béit. Dat hu mer ëmmer an deenen Debatte mat aller Däitlechkeet gesot.

***(Interruption)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Demokratesch Partei huet deemools an der Oppositioun trotzdeem fir d'Erriichte vun enger Rockhal gestëmmt. Well d'DP nach ëmmer positiv zu esou enger Demande agestallt war…

***(Brouhaha général)***

…a well mer eis säit längerem esou ee Concertssall oder esou eng Rockhal gewënscht hunn.

Mir haten eis och an eisem Wahlprogramm prioritär fir eng Concertshal fir modern Musek agesat. Mir si méi wéi zefridden datt mer elo awer e Projet hunn, vun der Madame Hennicot, dee virläit mat engem kloere Gesamtkonzept, iwwregens wéi all déi Projete vun dëser CSV-DP-Regierung. Endlech, kann een nëmme soen, wann ee weess datt d'Diskussiounen zu deem Sujet scho bal 30 Joer amgaange sinn a schleefen. De Wonsch dobaussen, net nëmme bei de Museker, net nëmme bei deene Jonken, mä bei all Musekinteresséierten, no esou engem Komplex ass grouss. D'Ongedold ass weider gewuess an deen een oder deen aneren hat bestëmmt schonn d'Hoffnung opgi fir datt iwwerhaapt nach esou ee Projet géif konkretiséiert ginn.

D'DP begréisst datt an dësem Projet der Kreativitéit eng grouss Wichtegkeet zoukënnt. Ze oft ass an der Vergaangenheet déi lieweg Konscht a Kultur vernoléissegt ginn. D'Kultur kann a soll sech net op Behale vum Geschafene beschränken. Déi artistesch Kreatioun soll weider permanent ënnerstëtzt ginn. Begréissenswäert ass, datt an där zukünfteger Struktur vum Centre de Musique amplifiée och Amateure sollen agebonne ginn. Dëst ass am Sënn vun enger Demokratisatioun vun der Kultur. Mir gesi Kultur net als Chasse gardée vun enger Elite. Jidder Interesséierte muss kënnen zur Kultur Zougank hu wann en dee Besoin huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'DP hat am Joer 1999 staark kritiséiert, datt den deemolege Projet vun de Sozialisten net zu enger Beliewung vun der nationaler Musekszeen géif bäidroen. Eis national Musekszeen däerf een net als marginal betruechten, schliesslech ziele mer bal 400 verschidde Gruppen hei am Land. Ee vun den Haaptproblemer, dee sech an deene Gruppe stellt, ass awer ganz oft dee vun de Proufméiglechkeeten. Et ginn net genuch Proufsäll hei zu Lëtzebuerg, déi et deene Museker erlaben hirem Hobby och seriö nozegoen. Am Kader vum CMA sinn insgesamt aacht där Säll virgesinn. Domat ass de Problem zwar nach net definitiv geléist, mä et ass awer en éischten Usaz an déi gutt Richtung. Och däerf den Accès zu dëse Proufsäll net arbiträr géréiert ginn.

Dat selwecht gëlt fir de geplangten Opnahmestudio. Hei ass eng flexibel Handhabung ubruecht. Dës Struktur soll sech net zu enger Aart neie Conservatoire entwéckelen. Dëse Projet steet a fält mam Gestiouns- an Exploitatiounskonzept. Dat ass ganz kloer an dat beeinträchtegt och d'Folgekäschte vun dëser Institutioun.

De Bau vun esou enger Rockhal huet deemno als Objektiv d'Beliewung vun der nationaler Musekszeen, mä och d'Beliewung vum Site Belval. D'Reconversioun vun den Industriefrichen am Süde vun eisem Land am Kader vum Aménagement du territoire, eng Prioritéit vun dëser CSV-DP-Regierung. Dat geet kloer aus hirem Programme gouvernemental ervir.

D'Implantatioun vun dësem Centre de musique integréiert sech an de Konzept vun der Reconversioun. De Centre de musique gëtt an deenen nächste Joren en direkten Noper vun der geplangter Cité des sciences, wou jo och e Centre national de la culture industrielle entstoe soll. Dozou nach e Kinoskomplex, deen och geplangt ass.

De Bau vun dëser Concertshal am Süden ass och am Sënn vun der Dezentralisatioun ze gesinn. Deem kann een also nëmmen zoustëmmen. Et ass opgepasst ginn, datt sech déi baulech Struktur harmonesch an déi existéierend Architektur afügt. Et handelt sech jo hei ëm en neie Bau. De Projet, déi al Gebléishal vun 1912 ëmzefonctionnéieren, ass wéi gewosst fale gelooss ginn. Dës gëtt elo d'Partie intégrante vum geplangte Centre national de la culture industrielle.

D'Sozialiste bedaueren, datt elo en Neibau geplangt gëtt, wéi se och bedaueren, dass dës Hal wäert méi deier gi wéi hir Salle de concert pour jeunes. Dës hat e Käschtepunkt vun ëmgerechent 7 Milliounen Euro, awer nëmmen um Pabeier. Effektiv hat dem Här Bodry säi Projet a senger gesamter Konzeptlosegkeet weder d'Restauratioun vun der aler Gebléishal, nach déi baussenzeg Aménagementer virgesinn. Dëst hätt awer de Budget regelrecht gesprengt, esou dass den Här Krecké alt erëm eng Kéier an der Budgetskontrollkommisioun all Hänn voll ze di kritt hätt, well jo och schonns bei anere sozialistesche Planungen huet misse festgehale ginn, datt se finanziell extrem schlecht geplangt waren. Mäi Fraktiounskolleeg Niki Bettendorf wäert op dësen Aspekt nach méi am Detail agoen.

Här President, et ass och vill iwwert d'Kapassitéit vun där geplangtener Hal diskutéiert ginn. Ass se ze grouss oder ass se vläicht ze kleng? Ech mengen eng Kapassitéit vun insgesamt 4.000 Plaze fir Concerte vu renomméierte Gruppe schéngt mir méi wéi realistesch. Dobäi kënnt jo nach, dass een dee méi klenge Sall fir ronn 500 Leit huet. Fir gréisser Events hei am Land hu mer nach d'Coque zur Verfügung, wou jo och schonns deen een oder anere Concert mat Erfolleg organiséiert gouf, och wann d'Coque primär eng aner Vocatioun huet. Bei Risen- a bei Megaevents, wéi mer der och schonn hei haten, gëtt et nach ëmmer d'Openairformule, déi jo och nach existéiert a méiglech ass.

Mat dëser Hal schafe mer endlech en adequate Kader, dee qualitativ gutt Concerten erméiglecht. Ech denken do virun allem un d'Akustik. D'Sécherheet muss awer och eng wichteg Roll spillen. Dës zwee Elementer, eng gutt Akustik a surtout ideal Sécherheetskonditiounen, konnten net ëmmer am Kader vu Manifestatiounen, déi an deenen eenzelne Sportshalen hei am Land ofgehale goufen, garantéiert ginn. Ech erënneren doru wéi deemools den Déifferdenger Buergermeeschter Nicolas Eickmann huet misse kuerzfristeg aus Sécherheetsgrënn e Concert a leschter Minutt ofsoen oder verbidden.

Ze hoffe bleift, dass eng Rei vu Manifestatiounen iwwert d'ganzt Joer an deene Raimlechkeeten zu Esch/Belval wäerte stattfannen, an datt deemno net nëmme sporadesch attraktiv Concerten ugebuede ginn, dat och am Sënn vun enger gesonder Käschtendeckung. Duerfir ass eng effikass Zesummenaarbecht mat de Concertsorganisateuren a -promoteure wënschenswäert. Eng intelligent Symbiose mat deenen anere Kulturinfrastrukturen, net nëmmen hei am Land, mä och an der Grande région, muss ugepeilt ginn. Mir däerfe bei esou groussen Evénementer um kulturelle Plang den Aspekt Grande région net vergiessen, net datt op eemol en iwwerdriwwene Konkurrenzkampf op deem Gebitt entsteet.

En anere Punkt, deen dobaussen hefteg diskutéiert gouf, ass dee vun de Parkplazen. Där sinn der 175 virgesinn. Deemno gëtt de Schwéierpunkt, an et ass jo jiddfereen deen dat wëllt, kloer op den öffentlechen Transport geluecht. Et wär jo onrealistesch fir wëllen e Parking vun 3.000 oder méi Parkplazen op deem Site ze schafen. Et ass jo och net esou dass, all Kéiers wann e grousse Stadion mat 30.000 oder 40.000 Plazen gebaut gëtt, och esou vill Parkplaze gebaut ginn. Mengen Informatiounen no huet et beispillsweis, wann Evénementer an der Coque sinn, bis elo nach ëmmer mam öffentlechen Transport dohin an zréck excellent geklappt, well e vun der Stad Lëtzebuerg excellent organiséiert ginn ass.

***(Interruption)***

Op deem ganze Site Belval gëtt d'Accessibilitéit grouss geschriwwen. Hei soll dat bestehend Schinnennetz genotzt an ausgebaut ginn. Dat gëllt och fir den Zuchsarrêt no bei deem Site. Et muss een drun erënneren, dass den Zuch 150 Meter vun deem Site stoe bleift. Dat däerft jo awer nach en Obstacel sinn, dee fir jiddfereen ze iwwerbrécken ass.

An da muss ech der Madame Mutsch, déi leider fortgaangen ass, zitéiere wat den Transportminister an där leschter Réunioun gesot huet: „Mir realiséieren Transportinfrastrukturen au fur et à mesure wéi de Bau vun de Gebaier um Site virugeet." Hien huet gesot dass et kee Wäert hätt déi komplett Infrastruktur dès le départ dohinner ze setzen, ier iwwerhaapt eppes do gebaut ass.

Ech wëll lech soen: Dir kënnt an den Här Grethen als Transportminister total Confiance hunn, well hien ass deen deen Neel mat Käpp mécht, wat ee vun Äre sozialisteschen Transportministere déi lescht 15 Joer net konnt soen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Weist eis emol e Meter Schinnen.

***(Brouhaha général)***

M. John Schummer *(DP).*- Ofschléissend…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- …e schéine Brëll un.

M. John Schummer *(DP).*- Ah, et ass e ganz schéine Brëll.

***(Interruption)***

Wësst Der, Här Di Bartolomeo, duerch e bloe Brëll gesäit een dat alles vill méi einfach a vill besser.

***(Interruption et coups de cloche de la Présidence)***

Verstidd Der? Ënnert engem bloen Himmel brauch ee weder e roude Sonnenënnergang nach e schwaarze Prabbeli. Do si mer eis eens.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Sidd roueg wann ech glift!

***(Interruption)***

M. John Schummer *(DP).*- Här President, och Dir kritt den Här Di Bartolomeo net roueg.

Ofschléissend géif ech dann nach eng Kéier betounen, dass déi Demokratesch Partei nëmme ka begréissen, datt endlech e konkrete Projet a puncto Rockhal, Centre de Musique amplifiée genannt, oder wéi och ëmmer ee se nenne wëllt, virläit. E Projet mat engem Gesamtkonzept, wou vill Wäert op d'Kreativitéit geluecht gëtt a wou d'Beliewung vun der nationaler Museksszeen, mä och vum Site Belval zu de Prioritéite gehéiert. D'DP wäert dëse Projet also ganz kloer stëmmen.

Och an Zukunft soll weider vill an d'Leit, an hir Kreativitéit an allgemeng an d'Konscht an an d'Kultur investéiert ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Schummer. Den nächste Riedner ass den Här Jaerling.

Här Jaerling, wéinst der Organisatioun: Wéi vill Minutte rechent Der, dass Der bräicht?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Net ze laang. Bon, ongeféier eng Véirelstonn.

M. le Président.- Merci.

***(Interruption)***

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här Di Bartolomeo, ech hunn och nach ouni Brëll den Duerchbléck.

***(Hilarité)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dat bezweifelen ech, Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Jo? Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och dem Här Rapporteur félicitéiere fir säin explicitë Rapport. Wéi aus dem Historique kloer ervirgeet, besteet säit de 70er Joren eng Nofro fir esou e Musekszenter, déi hiren Ursprong an enger Demande no enger Rockhal hat, déi haaptsächlech fir déi Jonk geduecht war.

***(Interruption)***

Haut si mer amgaangen driwwer ze schwätze wat dorauser entstanen ass. Nodeem sech Mëtt der 90er Joren de Bau vun esou enger Musekshal, deemools ass nëmme Rieds gaang vun enger Rockhal, lues a lues konkretiséiert huet a kloer ginn ass dass dës Hal an de Süde vum Land komme soll, du sinn d'Diskussiounen iwwert de Standuert ugaangen. Wéi Esch ausgewielt gouf gung et och lass mat den Diskussiounen iwwert deen ideale Site. An enger éischter Phas waren de Site Terres Rouges an duerno de Site Belval an der Diskussioun.

Fir eis als ADR zu Esch war an ass de Site vun Terres Rouges och nach haut den idealste Site fir esou eng Infrastruktur, an dat aus verschiddenen Ursaachen. Well jo elo hei esou ganz vill iwwert de Käschtepunkt an och iwwert d'Abannung vum öffentlechen Transport diskutéiert ginn ass, gëtt dat eis am Nachhinein Recht, well wéi de Site Terres Rouges an der Diskussioun war, war d'Planung vun der Reconversioun vum Site Belval nach net esou aktuell. Eréischt wéi Rieds gaangen ass vun engem Industriemuseum an dem Erhale vun engem Héichuewen ass och de Site Belval fir eng Rockhal an d'Gespréich komm.

Am Escher Gemengerot waren d'Meenunge gedeelt. Et ass souguer esou wäit gaangen, dass sech an der LSAP eng kleng Kris entwéckelt hat, bis sech dann awer schlussendlech dem deemolege Regierungsdiktat vun CSV/LSAP ënnerworf ginn ass an och am Escher Gemengerot d'Majoritéit sech fir de Site Belval entscheet huet. Fir eis war awer vu vir eran de Site Terres Rouges den ideale Site. Souguer déi Hal, déi do virgeschloe ginn ass, wär méi ideal gewiescht wéi déi, déi spéider fir de Site Belval virgestallt ginn ass an déi jo och elo net méi a Fro kënnt.

Dat heescht deemools war am Fong geduecht ginn a bestehend historesch Infrastrukturen eppes Neies eranzebréngen. Aus Käschtegrënn an deelweis och aus Sécherheetsgrënn ass dat leider net realisabel gewiescht. Do kéint een och elo nach driwwer streiden.

Wat awer elo de Site Terres Rouges ubelaangt, esou war fir eis kloer dass deen éischtens emol méi no beim Zentrum vun Esch läit, wat der Escher Geschäftswelt hätt kënnen zegutt kommen. Zweetens läit en net wäit vun der Gare ewech a wier duerfir och mam öffentlechen Transport gutt erreechbar gewiescht, ouni dass ee weider Suen hätt missen investéieren, an et hätt do dernieft souguer eng Méiglechkeet bestane virum Site selwer op der Streck Esch-Haut, déi jo och erëm opgaangen ass, direkt en Arrêt vum Zuch ze installéieren, wat praktesch weider net vill kascht hätt. Do hätte kënne Méiglechkeete geschafe gi fir souguer direkt mat Sonderzich bis op d'Plaz ze kommen.

Dréttens hätte kënnen op dem Site Terres Rouges, mat där Plaz déi do ass, a wat och wichteg gewiescht wär fir Esch, mindestens dausend Parkplaze bei der Rockhal installéiert ginn, wat alt erëm eng Kéier der Geschäftswelt vun Esch zegutt komm wier, well dës Parkplazen no beim Zentrum gewiescht wären an esou och hätte kënne mathëllefen de Parkproblem vun Esch léisen. Ech mengen et hëlt mer jo keen et iwwel, wann ech hei e bëssen am Interesse vun der Escher Gemeng schwätzen.

Wann ech dann elo am Projet, deen hei virläit, gesinn dass 175 Parkplaze solle virgesi si fir eng Infrastruktur déi bis zu 4.000 Leit soll kënnen emfänken, da kann ech awer wierklech nëmmen de Kapp rëselen. Een, dee mengt, datt wann hie manner Parkplaze schaaft, doduerjer méi Leit mam öffentlechen Transport ureesen, deen ass fir mech en Dreemert. Dee Mentalitéitswiessel bei de Leit fir op den öffentlechen Transport ëmzeklammen ass nach net do, ebe well den öffentlechen Transport nach net esou fonctionnel ass wéi dat gewënscht ass. Ech kommen herno nach eng Kéier op den öffentlechen Transport zréck, mä et schéngt mir duerfir illusoresch, wann ee mengt, dass wann ee manner Parkplaze schaaft, dass da méi Leit mam öffentlechen Transport ureesen, wann ee ganz genau weess dass weder elo nach an deenen nächsten zéng Joer de Problem vum öffentlechen Transport wäert optimal kënne geléist ginn.

Op jidde Fall ass a bleift fir mech de Site Belval dee falsche Standuert fir eng Rockhal. Terres Rouges wier méi ideal gewiescht. Den öffentlechen Transport wier problemlos zougängeg gewiescht an et wier och garantéiert vill méi bëlleg ginn. Den Zentrum vun Esch wier opgewäert ginn an d'Parkproblemer zu Esch hätte kënnen deelweis mat geléist ginn. Et ass fir eis also kee plausibele Grond gi fir dës Musekshal op de Site Belval ze setzen, ausser et wéilt een, wéi um Kierchbierg, alles op eng Plaz konzentréieren an domadder ronderëm alles futti maachen.

Här President, wann ech och mam Site net d'accord sinn, sou ass et kloer dass dat net wëll heeschen, dass mer elo dat Konzept vun dëser Musekshal wëllen a Fro stellen, well et elo endlech awer zu iergendengem konkrete Projet komm ass.

Mä wat mech awer och perséinlech e bësse stéiert, dat ass den Numm vun där Hal do, oder den Numm vun deem Etablissement public do. Wann een do seet Centre de Musique amplifiée, dat rappt sécherlech awer kee vum Stull, a besonnesch net déi Jonk. Do ass mer da schonn dem Här Garcia seng Propos, fir dem Musekszenter en Numm vun enger bekannter Musekerin oder Museker ze ginn, méi sympathesch, wann een och weess dass deen Numm vun där Musekerin, deen hien eraus gesicht huet, eng mat deene beschte Bluessängerinne war, déi et jeemools ginn ass. Wann ech mech un hiren Optrëtt zu Woodstock erënneren, …

Plusieurs voix.- Oh jo!

***(Interruptions diverses)***

M. Aly Jaerling *(ADR).*- …an ech mengen do sinn der vill vun eis déi sech nach kënnen erënneren, da wësst Der vläicht wat ech mengen, an ech mengen den Här Garcia weess et, an ech weess et, an all déi, déi méi wëllen doriwwer wësse wat den Här Garcia gemengt huet, déi kënne jo dann um Internet um Site nokucken a sech do e bësse weiderbilden.

Här President, wat d'Kapassitéit vun der Musekshal ugeet, sou kann ee gedeelter Meenung sinn. Wann ech elo d'Madame Buergermeeschter vun Esch hei héieren hunn, déi dat e bëssen ausernee geholl huet, da misst et jo elo kloer sinn dass d'LSAP u sech am Fong misst géint dee Projet hei stëmmen, well e jo hannen a vir net duer geet, well mer jo Infrastrukture genuch hunn, well mer der jo nach solle fir aner Aarte vu Musek kréien, sou hunn ech dat emol eraushéieren a verstanen.

Wat mech e bëssen hei un deem Projet stéiert, dat ass, mer maachen eppes a mer maachen awer och näischt. Ech hunn hei sou den Androck wéi wa mer hei Angscht virum eegene Courage gehat hätte wierklech eppes Gréisseres ze schafen, wat urspréinglech nämlech fir d'Jugend geduecht war. A wann ee gär risen Evénementer hätt an et seet een, mir hätte gär sou vill Leit dohinner, dann hänkt dat ëmmer vum Ugebuet of, wat ee mécht. Dann hänkt dat ëmmer dovunner of, wat een ubitt, a wann ee gären eng Hal vun 10.000 Leit baut, da muss een am Virfeld och wëssen, hei dat wëlle mer an Zukunft do ubidden, an da kritt een och déi 10.000 Leit dodran.

Ech froe mech just: Hätte mer déi Hal hei elo wierklech an deem Sënn néideg gehat? Wann ech d'Madame Buergermeeschter vun Esch verstanen hunn, dann ass et Neen, well mat der Coque einfach scho genuch do wier, huet se gesot, déi wär bis elo nach ni ausgelaascht gewiescht…

***(Interruption)***

Wat gelift?

Déi ass net gëeegent dofir, et ass awer déi eenzeg Plaz wou elo sou Evénementer kënne stattfannen. Dann hätt een eben da missen e Konzept maachen, wou eben dat alles aus der Coque erëm eraus drainéiert gëtt an eng effektiv Musekshal, déi dann eng Kapassitéit huet déi awer deene Bedierfnisser, déi do sinn, gewuess ass.

Ech mengen dat ass och dat wat ech kloer hei wëll soen, wann ech soen, hate mer net vläicht Angscht virun deem eegene Courage fir effektiv eppes ze schafen, wat de Bedierfnisser effektiv Rechnung dréit. Well wann ee kuckt, wann ee wëll mat deenen Halen am Ausland mathalen, wou Megaevénementer stattfannen, ech mengen dann ass et kloer dass déi Kapassitéit hei net duer geet. Wann een awer nëmme bei mëttelméissegen Evénementer wëllt bleiwen - mir wëlle jo ëmmer sou bescheide bleiwen -, dann ass et kloer, déi Hal hei geet duer. Mä da stellt ee sech einfach d'Fro, wann ee fir e gréissert Evénement Halen huet - an et huet een hei nach eng -: Musse mer dann elo nach iergendwou eng fir eng aner Aart vu Musek dobäi bauen? Ech mengen dat sinn awer Froen, déi sech stellen.

***(Interruption)***

Et ass awer kloer dass een en Zenter nëmme kann an deem Mooss bauen, wann een och d'Garantie huet dass e voll ausgelaascht ass. Wichteg ass och, dass elo an dësem Zenter, dee geplangt ass - dat schéngt mer awer wichteg an dat ass och eng gutt Saach -, während där Zäit wou keng öffentlech Veranstaltunge stattfannen, d'Hal op jidde Fall zur Verfügung steet fir all Aarte vu musikalesche Prouwen an och fir d'Ënnerbrénge vun den Artisten, déi do optrieden. Wann ech eleng nëmmen un d'Ënnerbrénge vun de Leit, déi do Prouwe sollen ofhalen, denken, un déi vill Rockgruppen déi mer hunn, déi jo am Fong duerch déi Aart vu Musek, déi se maachen, déi e bësse méi haart ass, net an all Géigend sou beléift sinn, an dass déi eng Méiglechkeet kréie fir do awer wierklech sech hirer Musek ongestéiert hinzeginn, an och ouni een aneren ze stéieren, da mengen ech schéngt dat heite mir schonn déi richteg Approche ze sinn.

Et ass also sou dass, sou wéi de Projet lo virläit, an och wat säi Fonctionnement ugeet, ee kann domadder d'accord sinn, well en a mëttelméissegem Denke geplangt ass, an dofir geet en och duer. Wann awer, wéi gesot, gréisser Evénementer ustinn, da musse mer entweder an d'Coque oder eraus an d'Gewan.

Wann elo ugeklongen ass dass d'Coque net ausgelaascht ass, da schéngt et mer ze sinn: Entweder ass dann do feelgeplangt ginn, et ass net virausgesi ginn, oder et ginn eben och fir d'Coque net déi richteg Evénementer erausgesicht, déi awer de Public unzéien dee gebraucht gëtt, fir dass sech déi Hal awer zumindest zum Deel rentabiliséiert.

Den Här Rapporteur - wann ech richteg verstanen hunn - huet hei ugedeit, dass de Projet Musekshal net duerf d'Affer gi vun enger eventueller Streckung vum pluriannuellen Investitiounsplang. Dat hunn ech aus dem Här Rapporteur sengem Rapport hei eraus héieren. Bon, ech hoffen dass dat net de Fall wäert sinn, an ech ka mer et och schlecht virstellen. Ouni elo wëllen déi eng Aart vu Kultur géint déi aner auszespillen, kann ech mer awer net virstellen dass e Projet wéi d'Musekshal zum Beispill elo soll zréckgesat gi fir e Projet deen zum Beispill geduecht ass fir der ARBED hir Schrottuewen ze verwalten. Ech hoffen dass do awer d'Musek nach iergendeng Prioritéit behält.

Mä et misst awer och esou sinn, dass elo schonn am Virfeld de Käschtepunkt misst duerleien, wat dann och elo mol déi Hal, déi do ass, effektiv kascht. Sou wéi och misst virleien, wat dee ganze pluriannuellen Investitiounsplang vun der Regierung kascht a wat fir eng Prioritéiten dass d'Regierung huet, nodeem dass jo awer elo kloer ass dass d'Wirtschaftsentwécklung net méi sou ass wéi se war, dass dann awer elo emol kloer ass wat hir Prioritéite sinn an dass se déi dann och elo hei soll kloer virleeën, an och dann hei à fur et à mesure d'Projeten, vun deem wat si als Prioritéit ugesäit, virleet.

Well den Här Transportminister huet kierzlech hei en Transportkonzept virgeluecht, ouni dass en awer konnt soe wou en déi Suen hierhëlt fir dat ganzt Konzept ze finanzéieren. Wa fir sou eng Prioritéit wéi d'Transportkonzept - wou mer jo awer alleguerten hei den öffentlechen Transport als absolut Prioritéit setzen - den Här Transportminister hei seet, e wéisst net wou e soll d'Suen hierhuele fir dat ze realiséieren, ma da froen ech mech wou mer dann d'Suen hierhuele fir aner Projeten. Mir hunn d'Coque, mir sollen d'Musekshal kréien, an elo solle mer och nach eng Hal fir klassesch Musek bauen!

Wa mer elo awer op déi Musekshal zréckkommen, wat elo haut eise Sujet ass, sou ass et wichteg dass dës Hal geduecht ass fir all d'Schichte vun der Bevölkerung, an net nëmme fir eng Rockhal, wéi dat urspréinglech geduecht war. Mä wann dann awer dat, wat urspréinglech geduecht war, wierklech an den Hannerhalt gedréckt gëtt, da muss ee sech d'Fro stellen, ob déi Jonk da mat deem Konzept sou zefridde wäerte sinn, wann hir Bedierfnisser am Fong e bëssen zréckgestallt ginn.

De Bau vun där Musekshal, ass hei ugedeit ginn, wéi wann dat elo soll e Projet-phare sinn, fir d'Entwécklung vu Belval. Do kann ech awer nëmme soen, hoffentlech geschitt dat awer dann nach an dësem Jorzéngt.

Well wann ech drun denken dass d'LSAP virun de Wahlen 1989 eng Petitioun vu 14.000 Ënnerschréfte gesammelt hat…

Une voix.- Neen, 12.500.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Elo war ech fei mat lech.

Une voix.- Et waren der 12.500, ech hunn net gär wann Dir sou iwwerdreift.

***(Hilarité)***

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ok. Et schéngt mer awer, ob et der 12.500 oder 14.000 waren, wéi wann déi Petitioun ënnert der Regierung CSV-LSAP an de ronnen Dossier verschwonn ass, well bis…

***(Interruption)***

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här Bartolomeo, dann hat Dir der nëmmen 12.500 ugeschmiert.

***(Hilarité)***

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Jo, well bis, Här Bartolomeo, 1999, wéi Dir an den Exil geschéckt gi sidd, ass op jidde Fall net mam Bau vun enger Rockhal ugefaange ginn. Haut, also 14 Joer duerno, no der Petitioun, stëmme mer e Projet dee soll 2005 fäerdeg sinn, wou awer de Käschtepunkt vum Bau a vum Fonctionnement nach net virläit a wou dat Ganzt och nach ofhängeg ass vun der wirtschaftlecher an der finanzieller Entwécklung.

Ech mengen den ADR stoung deemools dem Bau vun enger Rockhal positiv géigeniwwer, mir hate just e Problem mam Site, dee mer haut och nach hunn, mä mir sinn deem Projet awer besonnesch positiv entgéint komm, well en am Kader vun enger Dezentraliséierung vun den Infrastrukture stattfonnt hat; an dann ech besonnesch, well en eben op Esch komm ass.

Mir stinn och elo dem Projet hei nach positiv géigeniwwer, obwuel ech géif mengen dass mer net wëssen ob e jeemools realiséiert gëtt, op jidde Fall kënne mer mol haut zu dësem Moment dem Projet eis Zoustëmmung ginn.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Nächsten Orateur ass den Här Garcia. Här Garcia, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, den éischte sympatheschen Aspekt vun dëser Debatt ass d'Tatsaach, dass mer net méi vun enger Salle de musique pour jeunes schwätzen, well eleng déi Tatsaach dass den Duerchschnëttsalter vun den Intervenantë bis elo bei ongeféier 55 Joer läit, an dass zum Beispill ee vu menge Virriedner, de Kolleeg Aly Jaerling, op seng 68er Zäit zréckkuckt - dat war déi Zäit wou de Woodstockfestival gewütet huet am Bulli an Amerika -, léisst drop schléissen, dass et sech hei ëm e Centre de musique handele wäert deen net nëmmen déi Jonk, mä all Generatioun an all Schicht vun der Bevölkerung wäert interesséieren.

Ech muss éierlech soen, wéi ech dee Projet hei fir d'éischte Kéier studéiert hat, beziehungsweis wéi ech informéiert gi sinn iwwert de Moratoire deen een net däerf Moratoire nennen, deen awer dräi Joer gedauert huet, deen déi aktuell Bauteministesch iwwert de Projet virdru verhaangen huet, do war ech relativ rosen, well ech awer am Réckbléck gekuckt gesinn hunn, dass et ëmmer déi selwecht Zorte vu Projete sinn déi Schwieregkeeten hunn, an et sinn ëmmer déi selwecht an déi selwecht Siten déi eng Preferenz hunn.

Et muss een och fairerweis zouginn dass et eng Rei vu Leit ginn déi och heibanne sëtzen, deelweis net méi hei, awer vläicht op anere Plaze sëtzen, déi dee Projet scho säit de 70er Jore poursuivéiert hunn, sief et mat A.s.b.l.en, sief et mat Petitiounen, an et muss een deene Leit dann awer och nach eng Kéier hei, och wa se net vun eiser Fraktioun sinn, en Hommage ginn, well si jo och an hiren eegene Reien net ëmmer gréng Luucht haten.

Ech ka mech erënneren, an ech muss de Kolleeg Alex Bodry awer hei a Schutz huelen, well en elo e bëssen attackéiert ginn ass, dass hie sech ëmmer unermüdlech fir déi Hal do agesat huet. Well et ass jo och eppes gewiescht wat net ëmmer evident war, et war déi Sitëfro zwëschent Terres Rouges, zwësche Belval, an dann ass et och ëmmer esou dass déi Projeten am Süden, dat muss een elo ouni iergend ee Regionalismus soen, ëmmer den zweete Präis kruten.

An ech wëll drun erënneren dass deen deemolege Bauteminister Robert Goebbels eigentlech och de Sitë vum Kierchbierg an aneren ëmmer d'Preferenz ginn huet par rapport zu den Emplacementer am Süden, esou dass et och fir de Kolleeg Alex Bodry net ëmmer ganz einfach war, a fir seng Sympathisante vun der Rockhal, fir dee Projet, deen zwar wesentlech méi bescheide war wéi aner Projeten, duerchzesetzen.

Ech hu beim Duerchwulle vu mengen Archiven, dat ass ëmmer ganz interessant, eng Motioun fonnt vu mir selwer, vum 10.12.1997 bei de Budgetsdebatten. Dat war eng Motioun, déi hat folgende Wortlaut, well deemools, 1997, et net evident war, a wéi engen Délaien déi Rockhal géif kommen: «invite le Gouvernement à donner une priorité absolue à l'achèvement des études et au démarrage de la construction de l'espace rock sur un site approprié dans le sud du pays». An ech hat geduecht dass déi Motioun géif ugeholl ginn, mä de Fraktiounsspriecher vun enger Partei, enger Fraktioun déi deemools an der Majoritéit war, ass opgestanen an huet gesot si kéinten déi Motioun hei net stëmmen, well am Plan pluriannuel deen heite Projet keng Prioritéit hätt. An dat kléngt mir ëmmer nach an den Oueren, esou dass ech nach eng Kéier widderhuele wat ech virdru gesot hunn, dass souguer a Parteien, déi eigentlech fir d'Rockhal ëmmer agetratt waren, dee Support net unanime war.

Wéi gesot, just fir e puer Mythen hei an deem Historique zurecht ze béien, muss een och soen, dass eigentlech déi Schnellegkeet, oder wéi soll ech soen, déi Drénglechkeet, mat där de Projet vun 1999 un duerchgeboxt ginn ass, déi jo anscheinend dozou geféiert huet dass verschidde Leit sech net méi drun erënneren an haut behaapten dat wär waarm Loft oder si wären do ech weess net wat iwwert den Dësch gezu ginn, dat huet och e bëssen dru geleeën dass een Zugzwang vun der Utopiagrupp bestanen huet, déi do wollten hire Kino bauen, an op eemol geduecht ginn ass, wa mer elo net op deen Zuch opsprangen, da passéiert ni eppes, beziehungsweis huet och ganz kloer d'Utopiagrupp deemools gesot, wann et net sécher ass dass déi Rockhal kënnt, da si mir och vläicht net méi interesséiert fir op de Site Belval ze goen, well déi hate jo och nach aner Sitë wéi zum Beispill an där attraktiver Zon vu Féiz an d'Gespréich bruecht. Esou dass ee muss soen, dass déi Evolutioun vun deem Dossier vill méi villschichteg ass wéi elo hei den Androck wëllt vermëttelt ginn.

Ech ka mech och nach ëmmer drun erënneren, an a mengen Ouere kléngen nach ëmmer déi schéi Gespréicher déi hei gefouert gi si beim Vote am Mee 1999 iwwert déi Tatsaach, dass déi Hal fir modern Musek an engem éierwürdegen alen industrielle Gebai géif lokaliséiert ginn. Ech ka mech zum Beispill un den Här Glesener erënneren, deen och nach drop betount huet, dass et wichteg wär dass déi nei Generatioune géifen doduerch, wa se an där Hal do wären, drun erënnert gi wéi hir Grousspäpp a Päpp nach do geschafft hunn.

Dofir war ech besonnesch, wéi soll ech soen, rosen, wéi gesot ginn ass, mir loossen dee Projet vun der Gebléishal falen a sichen no engem anere Site. Do ass an enger éischter Phas gesot ginn, mir bauen en neit Gebai, awer vis-à-vis vun dem geplangtene Kino, an dann zwëschent deenen zwee, do géif et dann eng schéi Plaza, an op der Plaza wär da stänneg Betrib an dat géif da wierklech e flotte konviviale Charakter deenen Infrastrukturen do ginn.

Wéi et dunn esou wäit war, dunn ass de Site vun der Rockhal ëmmer méi an de Süden op d'franséisch Grenz hi geréckelt, an et muss een trotz aller Sympathie, déi ech fir de Projet hei hunn, soen, dass déi Rockhal awer deelweis marginaliséiert ass. Dat wär net esou schlëmm wann et sech ëm en urspréngleche Konzept vu Rockhal gehandelt hätt, nämlech wou um aacht Auer d'Dieren opginn an um 12 Auer se erëm zou ginn, da wär dat jo net schlëmm gewiescht, well déi Leit déi dohinner komm wären, wäre mat privaten oder mat öffentlechen Transporter dohinner komm, mir hätten net vill vun dem Ambiente zréckbehalen. Mir ginn awer elo an eng Richtung wou d'Rockhal jo net méi eng Hal ass, mä ee richtege Centre de musique, oder eng Rockcity, wéi emol eng Kéier geschriwwe ginn ass an enger Zeitung. An do wär et awer vläicht méi attraktiv gewiescht, well ee jo wëllt dass och am Dag Aktivitéiten do passéieren, sief et Proufaktivitéiten, sief et Visiten, sief et aner Aktivitéiten, déi ee jo niewent de Concerten owes och kéint an deenen Halen organiséieren, et hätt ee méi eng zentral Lag gewielt. Mä dat ass elo ze spéit, an ech wëll och nach net hei larmoyant virgoen.

Fir eis war ëmmer méi wichteg, wéi elo d'Situatioun vun der Rockhal, oder wéi d'Parkplazen oder ähnlech schrecklech wichteg Themaen, de Problem vum Konzept, an dozou hunn ech natierlech schonn hei um véirel op néng kënne schwätzen, wéi ech meng Proposition de loi hei virgestallt hunn, dofir wëll ech net nach eng Kéier am Detail dohinner zréckkommen.

Ech fannen et awer extrem positiv, dass dee Projet inhaltlech säit 1999 wesentlech évoluéiert huet. An dat läit awer och - dat muss een och der Ministesch, och wa se de Moment net hei ass, zouerkennen - un dem Dialog dee se gefouert huet, mat Responsabelen ënner anerem vun der Backline, fir ze kucken: Kënne mer eppes aneschters maache wéi nëmmen eng Hal déi, wéi gesot, hir Dieren op an hir Dieren zou mécht a wou soss näischt ronderëm passéiert?

Ech erënnere mech och un eng Artikelserie an der liberaler Wochenzeitung Lëtzebuerger Land, déi och schonn hei zitéiert ginn ass, wou verschidden Auteure sech unanimement dofir ausgesprach hu fir vun der Geleeënheet ze profitéiere fir ee richtegen Animatiounszentrum ze maachen, deen net nëmme reng Diffusioun vu Spektakele géif maachen, mä deen och géif eng Plaz loosse fir eng Kreatioun a fir sozio-pedagogesch Aktivitéiten.

Et kéint een esou wäit goen, dass een elo seet, niewent der Kreatioun innerhalb vum Produktiounsstudio, vu Proufsäll, kéint een och envisagéieren eng sozio-pedagogesch Aarbecht ze maache mat deene Jugendlechen déi jo do onweigerlech wäerte ronderëm déi Rockhal do évoluéieren. Dat ass am Ausland net nëmmen am Kontext vu Futtballstadien, mä och vu Rockhale geschitt, dass gesot ginn ass, ronderëm esou Strukturen évoluéieren och eng Partie gefährdet Jugendlecher, déi et interessant wär pedagogesch ze begleeden, an et gi schonn an anere Stied an England an an Däitschland Projete fir vun där Attraktivitéit vun der Rockzeen ze profitéieren, fir eng douce an diskret sozio-pedagogesch Aarbecht ze maache mat Jugendlecher, déi jo oft och a Gefor si fir gewëssenen Tendenze vun der Rockmusek, déi jo net ze regele sinn, wéi zum Beispill rechtsradikal Tendenzen, ze erleeën.

Ech hoffen dass et also méiglech wäert sinn, spéider am Kader vun deem Centre de Musique amplifiée, deen hoffentlech den Numm nach wäert änneren, well soss verwiesselt een den CMA ëmmer mat dem CNA zu Diddeleng, esou Aktivitéiten ze maachen.

Ech wëll awer zum Schluss, ier ech d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu deem Projet selbstverständlech wäert ginn, awer nach dräi Froen opwerfen. Eng ass déi, déi och schonn ugeschwat ginn ass, vum Transport. Als Gréng muss een natierlech begréissen, dass am Géigesaz zu anere Projeten hei wéineg Attentioun zu der Prolifératioun vu Parkplaze geluecht ginn ass. Allerdéngs muss ee realistesch gesinn, dass déi Leit, ob se elo vu Charleroi oder vu Biekerech oder vu Bitburg-Eifel op dee Site kommen, net dee ganze Wee wäerte mam öffentlechen Transport bewältegen, soss misste se siwe Mol ëmsteigen an deenen alen Zich an da géife se wahrscheinlech méi laang brauche fir bei dee Concert ze komme wéi se an der Concertshal géife verweilen. Ech kéint mer natierlech laangfristeg virstellen, dass een e groussen Deel vun dem Afflux vu Visiteure ka vun der Source op den öffentlechen Transport leeën. Zum Beispill wann déi berühmt Direktstreck tëschent der Stad an der Friche Belval realiséiert wär, déi Zuchstreck, wann och zum Beispill esou eppes wat mir wollten hunn eng Schnellstreck, déi net nëmmen zentral vu Lëtzebuerg aus geet, mä och d'Regioun Süde géif desservéieren, mat enger Verlängerung natierlech a Frankräich, dass een awer ee groussen Deel vun de Leit kéint direkt op den öffentlechen Transport setzen.

Esou muss een als Zwëscheléisung wahrscheinlech virgesinn, dass ee wëllt vermeiden dass de Site selwer vun ze vill Autoen - wéi soll ech soen - zougesat gëtt, an dass een dann Opfangparkinge wäert maache fir zwëschenzäitlech déi Leit, déi vu wäit komme mat hirem Auto, opzefänken. Ech denken dass een awer ëmmer muss am Kapp behalen, dass ee laangfristeg op eng Léisung soll histeieren, déi wierklech en héijen Undeel vu Leit op den öffentlechen Transport bréngt. Natierlech kann een net wéinst enger Rockhal elo extra en öffentlechen Transport vun der Source bis zu der Rockhal bauen, mä vu dass jo nach ganz vill aner Strukture wäerte kommen ass et kloer, dass een an déi Richtung wäert goen.

Déi zweet Fro, déi ech opwerfen, ass déi vun der Gebléishal. Ech maachen do nämlech de Lien mam Parking, well ech ka mech erënneren dass viru siwen, aacht Joer déi Sociétéit, där déi Gebléishal schonn deemools gehéiert huet, e Plang hat fir dorauser e Parkhaus ze maachen. Ech hunn e bëssen Angscht, vu dass déi Gebléishal elo eigentlech abandonnéiert gëtt, dass et zwou Variante ginn. Entweder gëtt do séier e bësse Blech bäigefügt an op eemol hu mer do e Parkhaus, oder se gëtt wéi et de Moment geplangt ass als Hangar virgesi fir, wann d'Aarbechten um Terrain passéieren, zwëschenduerch d'Material do ze lageren an dann iergendwann eng Kéier fiert e Bagger onglécklech an da fält d'Gebléishal deelweis an e Koup an da gëtt se ofgerappt. Ech hunn déi Angscht. Wann ech méi Zäit a leschter Zäit gehat hätt, hätt ech eng Proposition de loi hei presentéiert fir dorauser eppes aneschters ze maachen, wat ech och schonn an der Kommissioun proposéiert hunn, nämlech ze profitéieren dass op deem Site jo niewent deene privaten Institutioune wéi der Dexia-BIL awer och eng Uni soll hikommen.

Eng Uni brauch bekanntlech e Kongresszentrum an ech kéint mer virstellen, dass déi Gebléishal den idealen Uert wär fir doranner e moduléierbare Kongresszentrum ze installéieren, wou ee kéint Kongresser organiséieren déi sech e bëssen zwëschent dem Konzept vun enger Foire an dem Konzept vun engem wëssenschaftleche Kongress kéinten usiddelen. Ech hunn esou Beispiller an Däitschland kierzlech gesinn, nämlech zu Essen am Zeche Zollverein, wou et méiglech ass souwuel op engem Site fënnef Concerte parallell ze organiséieren, dobäi nach zéng Workshopen a klenge Säll a wou och nach e groussen Auditoire zur Verfügung steet fir wëssenschaftlech Kongresser. Ech denken, dass dat doten deen ideale Site wär fir esou eppes ze bauen.

Dee leschte Punkt, deen ech wollt opwerfen, ass deen, deen ech schonn am Mäerz 1999 opgeworf hunn, an zwar déi Fro wéi sech herno dee gesamte Site kéint gemeinsam géréiere loossen. Mir sinn nämlech der Meenung, dass een op Belval-Ouest dat vermeide muss wat mer de Moment um Kierchbierg hunn, nämlech dass öffentlech, privat a mixte Institutiounen niewentenee funktionéieren an eigentlech just duerch Parkingen oder duerch den zaghaften öffentlechen Transport matenee verbonne sinn. Et gëtt awer guer keng corporate identity, wou een deene gemeinsamen Aktivitéiten, déi jo awer oft complémentaire sinn, kéint e gemeinsaamt Gesicht ginn.

Duerfir hat ech 1999 eng Proposition de loi déposéiert, fir dass een déi staatlech Institutiounen, déi op dee Site kommen, ënner anerem d'Rockhal, de Centre d'histoire industrielle, dee ronderëm d'Héichiewe komme soll, an all déi aner öffentlech Institutiounen, déi hoffentlech nach dohinner kommen, kéint ënner enger gemeinsamer Struktur funktionéiere loossen an awer och eng gemeinsam Struktur géif schafen, zum Beispill mat dem Utopolis oder mat dem Utopia zesummen, wou ee kéint gemeinsam déi privat an déi öffentlech Aktivitéite maachen. Ech hu mech deemools relativ beméit fir eng Struktur ze fannen. Leider ass et zu Lëtzebuerg esou, dass mer keng gesetzlech Grondlag hu fir esou Structures mixtes. Dat eenzegt wat et gëtt sinn d'Groupements d'intérêt économique. Ech hat dunn deemools proposéiert eng Société de gestion fir den Espace Belval virzehuelen.

Ech muss allerdéngs soen, ech hunn elo och a mengen Archiven e Bréif vum 29. November 2000 erëmfonnt, wou de Conseil d'Etat e Bréif un d'Regierung schreift - ech hunn dat scho virdrun zitéiert -, wou hie gäre géif en Avis iwwert dee Projet ofginn, mä wou hien nach géif drop waarden dass d'Regierung him géif soe wat eigentlech alles op deem Site do géing passéieren. An der Zwëschenzäit ass dat jo awer kloer. Mir hunn dee Concours d'architectes a mir hunn de Konzept vu Belval x-mol virgestallt. Et ass also kloer wéi eng Institutiounen op Belval-Ouest kommen. Et wär also vläicht un der Zäit, dass d'Regierung dem Conseil d'Etat e klenge Liebesbréifche schécke géif an him da soe géif wat op dee Site do kënnt, esou dass de Conseil d'Etat endlech zu där Proposition de loi géif en Avis ofginn.

Dat gesot, an déi Reserven ausgedréckt, wëll ech den Appui vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn. Ech muss allerdéngs soen, dass et zwou Wermutsdrëpsen an deem Dossier hei ginn. Déi eng ass déi, dass et awer erëm eng Kéier net gelongen ass parallell de Fonctionnementsprojet mat dem Bauteprojet ze déposéieren. Ech hunn dat haut de Moie schonn eng Kéier exposéiert an ech hu jo och eng Resolutioun ofginn, wou mir eis - fir déi Leit, déi nach net hei waren - selwer opfuerderen de Projet vun der Regierung iwwert de Fonctionnement esou séier wéi méiglech ze evakuéieren, allerdéngs eréischt vun deem Moment u wou mer dann eng Fiche financière iwwert d'Folgekäschten hunn.

Dat zweet Onbehagen dat ech hunn ass, dass mer en ähnlechen Optimismus scho virun iwwer dräi Joer hate wéi mer den éischte Projet gestëmmt hunn. Ech hoffen, dass dat nächst Parlament net an dräi Joer erëm eng Kéier muss optriede fir nees en neie remaniéierte Projet iwwert d'Rockhal ze stëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Garcia. Den nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi. Här Zanussi, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet vun der Rockhal schéngt effektiv eng never ending Story ze sinn. Nodeem mer hei 1999 e Gesetz eestëmmeg votéiert haten, hat een den Androck an d'Meenung, dass ee wierklech kéint all d'Ënnerlagen, déi gesammelt gi waren zu deem Projet, op d'Säit leeën a geschwë vun der Infrastruktur profitéieren, déi déi 30 Joer laang dauerend Concertsgeschicht hei zu Lëtzebuerg wierklech verdéngt hätt. Mir stellen haut fest, dass deem net esou ass.

Bei der Diskussioun vun deem Projet hei ass et awer, denken ech, trotzdeem derwäert fir nach eng Kéier op déi kleng oder op déi grouss Geschicht vun de Concerten hei zu Lëtzebuerg anzegoen, wéi op déi, déi an deem dote Beräich vill gemaach hunn. Ech wëll da wierklech nach eng Kéier un déi A.s.b.l. „Musek fir déi Jonk" erënneren, déi ënnert dem Impuls vum Mars Di Bartolomeo, aneren LSAP-Politiker awer och anere Leit aus dem kulturschaffende Liewen, aus Journalisten an aus Concertsveranstalter, bestanen huet an déi et wierklech fäerdeg bruecht huet 12.500 Ënnerschrëften ze sammele fir de Bau vun enger Rockhal ze organiséieren. Déi Petitioun, déi deemools lancéiert ginn ass, ass entstanen aus den Erfahrunge vun deene Leit, déi deemools d'Concerte besicht hunn. Hir Revendica-

tiounen hu sech dann och dorop gefousst.

Et muss ee wëssen, dass während där Zäit a bis haut regelméisseg bei der Organisatioun vu Concerten an der Vergaangenheet schlecht Erfahrunge gemaach gi sinn. Ech erënnere mech nach Ufank der 80er Joren un de Concert vu Europe, deen zu Déifferdeng sollt stattfannen, deen awer ofgesot ginn ass, well eng Stroumpann de Concert onméiglech gemaach huet. Ech denken un de Concert an der Mëtt vun den 80er Jore vun den Dire Straits op der Kockelscheier, deen huet missen ofgesot ginn, well et eng wackeleg Bühn an der Hal ginn ass. Alles dat waren Elementer déi noutwendeg ware fir eng Petitioun op d'Been ze stellen, déi wierklech no enger richteger Infrastruktur verlaangt huet.

D'Concerten, déi säit deemools a bis haut organiséiert gi sinn, sinn zu engem Deel ënner Konditioune gemaach ginn déi net akzeptabel waren, souwuel am Beräich vun der Akustik wéi am Beräich vun der Entlüftung an den Halen, wéi schlussendlech och am Beräich vun der Sécherheet während de Concerten. An der Zwëschenzäit hu mer effektiv d'Infrastruktur vun der Coque, wéi d'Madame Mutsch virdru richteg gesot huet. D'Coque funktionéiert elo während engem Joer. Et muss een awer feststellen, dass wierklech bis elo eben nëmmen dräi Concerten do waren. Wann een d'Coque kennt, déi formidabel Sportsinfrastruktur déi et ass, gesäit een och dass et wierklech eng Sportsinfrastruktur ass a se eigentlech awer net schrecklech gutt fir Concertsveranstaltunge gëeegent ass.

Alleguerten déi Leit, déi deen een oder deen anere Concert do materlieft hunn, kënnen nëmme confirméieren, dass besonnesch am Beräich vun der Akustik, am Beräich vun der Logistik, déi noutwendeg ass fir d'Organisatioun vum Concert, an och am Beräich vun der Bestuhlung an Ähnlechem dat ganz schwéier ze realiséieren ass, esou dass ech der Iwwerzeegung bleiwen dass et weiderhin nach en absolut Bedürfnis gëtt no enger anstänneger Infrastruktur vu Concerten hei zu Lëtzebuerg.

D'Konzept an d'Gréisst vun esou enger Hal sinn natierlech eng vun deene wichtegste Froen, déi een an deem doten Zesummenhang muss behandelen. Ech hunn a menger Eegeschaft als Member vun enger anerer A.s.b.l., déi Spektrum 87 heescht, mech vill zesumme mat menge Kolleege mat där doter Fro beschäftegt. Ganz onvirageholl hate mer eng Rei vu Visitë mat interesséierte Leit an anere Concertshalen organiséiert, sief dat zu Orléans oder sief dat zu Nanzeg. Mir haten och hei zu Lëtzebuerg e gréissere Meeting organiséiert, wou mer alleguerten déi Lëtzebuerger Concertsveranstalter invitéiert haten, mä wou mer och renommiéiert Expären aus dem Ausland dobäi haten.

Alleguerten déi, déi sech un deem Gespréich vun deemools bedeelegt hunn, a wou d'Zil dovunner war méi gewuer ze ginn iwwert d'Konzept vun esou enger Hal, sinn zu der Meenung komm, dass et dräi Elementer gëtt, déi fir esou eng Hal enorm, enorm wichteg sinn. Dat éischt ass d'Multifonctionnalitéit, dat zweet ass d'Modulabilitéit an dat drëtt ass dat praktescht Element bei der Organisatioun vun de Veranstaltungen.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Wann ee vun dem éischte schwätzt, wat de Multifonctionnement ubelaangt, hu se deemools alleguerte gesot, dass et wierklech eng Hal muss sinn déi net nëmmen dofir geduecht soll si fir Concerten dran ze maachen, mä déi wierklech och dee ganze Beräich vum Family-Entertainment muss erlaben, wann e Rendement an där Hal do soll méiglech sinn. Et muss also méi breet gi wéi dat fir nëmme Rockconcerten ze organiséieren.

Dat zweet ass dat Element vun der Modulabilitéit vun der Hal. Si hunn alleguer gesot, dass déi Hal gewënnt a lieft, dass se modulabel muss sinn, sech also op hir verschidde Gréisste muss astelle loossen. A wa vun der Modulabilitéit geschwat gëtt, da kann all Buergermeeschter, deen e Centre culturel bei sech huet, behaapten, dass seng Hal modulabel ass. Et gëtt awer Differenzen doranner, wéi eng Hal modulabel ka sinn a wéi se et net ka sinn. D'Bühn muss modulabel sinn an d'Grondausstattung an der Hal muss et och erlaben, dass déi Modulabilitéit och an der Praxis uwendbar ass, an do gëtt et eng ganz Rei vu praktesche Viraussetzungen déi dofir mussen erfëllt sinn, an dofir denken ech dass et wichteg ass, dass bei där doten Detailkonzeptioun och alleguerten déi Leit consultéiert ginn, déi doranner eppes kennen.

An dann, wat d'praktesch Accessibilitéit ubelaangt, ass et einfach wichteg dass eng Rei vun technesche Viraussetzungen erfëllt sinn. Dat geet bei den Detailer u wou d'Steckere sinn, wou d'Ophänkunge sinn, wat opgehaang ka ginn, wéi ee mat de Camionë kann erafueren, dass ee mat de Camionë kann erafueren, an alleguerten déi Saachen do sinn enorm wichteg, wann déi Hal an Zukunft soll fonctionnéieren a soll liewen. Dat hunn eis alleguerten déi Expären do confirméiert.

En anert Element ass natierlech dat vun der Ambiance. De Fritz Rau, deemolege Chef vun der Entreprise Mamakonzert an Däitschland, dee 40 Joer Erfahrung an der Organisatioun vun de Concerten huet, huet gesot: „Konzerte wolle man nicht nur hören, sondern auch erleben." Dat heescht, dat Element vun der Ambiance ass enorm wichteg a muss an deem heite Punkt berücksichtegt ginn.

Alles dat dote si Saachen déi musse mat Expären diskutéiert ginn an de Rotschlo vun deene Leit do soll een och op kee Fall an de Wand schloen.

An dann de leschte Punkt, dee vun der Gréisst vun där Hal. Effektiv muss ech soen, dass alleguerten déi Leit, déi mer consultéiert hunn, eis gesot hunn, dass déi Hal, wa se soll fonctionnéieren, einfach eng minimal Kapassitéit vu 5.000 Leit muss hunn. A wann den Här Jung mech virdrun zitéiert huet, dann huet en een Deel vu menger Ried zitéiert - et wier och ze vill verlaangt gewiescht, fir alles ze zitéieren -, mä et muss ee soen dass dat, vun der Kapassitéit hier, eis deemools einfach gesot ginn ass. Mir hunn dat jo net erfonnt, dat war eis Iwwerzeegung opgrond vun deene Gespréicher, an et musse minimal 5.000 Leit si fir dass déi Hal fonctionnéiert.

An déi Concertsorganisateure hu vun enger internationaler Achs vu Veranstaltungsuerte geschwat, Rotterdam, Bréissel, Frankfurt, Dortmund, Paräis, a fir an déi Schinn do eran ze kommen, muss ganz einfach déi Kapassitéit vu 5.000 Leit fir Hale sinn, soss fonctionnéiert dat net. Dat hunn, wéi gesot, Leit wéi de Fritz Rau, grad wéi e Vertrieder vu Kölnkonzert an och déi aner Lëtzebuerger Concertsveranstalter - net déi, déi sech eleng ëm d'Intérête vun de Lëtzebuerger Rockgruppe bekëmmeren, mä déi d'Veranstaltungen do sollen organiséieren - eis gesot.

An ech ginn der Madame Mutsch Recht, wa se virdrun déi Lëscht zitéiert huet, wou offensichtlech bei Gruppen Intérêt besteet an déi Concertshal do ze kommen. Haut an hei géing ech behaapten, dass keng vun deenen dote Gruppen, déi d'Madame Mutsch genannt huet, an déi Hal vu 4.000 Leit kommen, well et sech net rentéiert fir e Veranstalter fir dat doten ze organiséieren.

Iwwert de Site, iwwert d'Plaz ass vill geschwat ginn, deem kann een zoustëmmen. Een anere Virdeel dee Lëtzebuerg awer nach hätt fir esou eng Hal, ass d'Tatsaach dass am Géigesaz zu Däitschland een Drëttel vun de Gagë vun de Steieren opgefriess gëtt, wat hei zu Lëtzebuerg net de Fall ass, an och dat hunn déi Concertsveranstalter eis gesot, dass et also wierklech e Besoin a Méiglechkeete gëtt, grouss Evénementer hei zu Lëtzebuerg ze organiséieren, wann d'Infrastrukturen deem entspriechen.

Mir hunn hei virun enger Rei vu Joren iwwert de Projet diskutéiert deen den Alex Bodry erabruecht huet, an ech wollt awer nach virdrun, ier ech dozou kommen, e Wuert zu der Proposition de loi vum Robert Garcia soen, well bei deene Gespréicher, déi mer deemools iwwert d'Konzeptioun vun den Halen haten, hu mer eis natierlech och mat där Fro beschäftegt, wéi dann elo schlussendlech déi Hal kéint fonctionnéieren.

An effektiv et gëtt am Ausland verschidde Modeller, wéi dat do géréiert gëtt. Et gëtt d'Méiglechkeet vun enger Société d'économie mixte, et gëtt eng Méiglechkeet vun der Privatiséierung an et gëtt d'Méiglechkeet vun dem Etablissement public. Ech géing wierklech mengen, dass och mir als Fraktioun déi Iddi vum Etablissement public als déi gëeegent halen, ënnert der Viraussetzung dass awer bei der Besetzung vun deene Leit, déi den Etablissement public géréieren, wierklech muss drop opgepasst ginn, dass Leit doranner kommen déi Kompetenz an deem dote spezifesche Beräich hu fir déi doten Infrastruktur ze leeden, well domadder steet a fält dat Ganzt.

An ech ginn och dem Robert Garcia Recht - et ass allerdéngs eng perséinlech Meenung -, dass den Numm vum Janis Joplin wierklech éischter fir esou eng Infrastruktur passt wéi dat wat elo mam Moment virläit. Mä mir kréie jo nach d'Geleeënheet bei där Diskussioun vun deem dote Projet hei an dësem Haus doriwwer ze schwätzen.

Dee Projet deen 1999 presentéiert ginn ass, deen huet deene Virstellungen, déi deemools an engem Aarbechtsgrupp an där A.s.b.l. mat de Concertsverantstalter geschwat gi sinn, zu engem gréissten Deel entsprach, well souwuel den Alex Bodry wéi och de Robert Goebbels waren an déi Gespréicher mat agebonnen. D'Iddi fir déi Hal an enger bestoender Industrieinfrastruktur ënnerzebrénge ass jo och net aus dem Himmel gefall, dat war den ausdréckleche Wonsch vun der deemoleger Chamberskommissioun, déi sech beruff huet op Beispiller am Ausland, zu Köln gëtt et eng Rockhal an engem Elektrizitéitswierk, et gëtt eng an enger Wuesfabrik, et gëtt zu Gelsenkirchen eng an engem ale Stolwierk an et kéint een nach aner Beispiller opféieren. Et gëtt och eng Motioun vum…

M. le Président.- Här Zanussi, ech wollt Iech drop hiweisen datt Är Riedezäit ofgelaf ass, datt Dir lo déi zéng Minutten huelt fir d'Motiounen an d'Resolutiounen.

M. Marc Zanussi *(LSAP)*.- Merci fir déi doten Informatioun, Här President, an ech wäert mech och dorunner halen.

***(Interruptions)***

Et gëtt also och nach aner Beispiller wou esou Infrastrukturen an enger aler Hal ënnerbruecht sinn an ech probéiere mech dann…

***(Interruptions diverses)***

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- D'Zäit vun de Motioune soll net méi eriwwer geholl gi bei d'Debatten.

Une voix.- Sidd Dir elo schonn net méi mat Ärem Vizepresident zefridden.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Neen, dat huet näischt mat Vizepresident ze doen.

M. le Président.- Här Zanussi, huelt Iech elo d'Zäit fir fäerdeg ze ginn.

Une autre voix.- Den Här Glesener ass sécher mat Iech zefridden.

M. Marc Zanussi *(LSAP)*.- Ech lauschteren hei ausschliesslech op d'Ausféierunge vum President vum Parlament an ech hale mech dann och un déi doten Normen.

Une voix.- Très bien.

M. Marc Zanussi *(LSAP)*.- De Projet…

***(Interruption)***

Herno, Här Weiler. Ech wollt nach e puer Wuert zu deem Projet vun 1999 soen. A wann ech dann hei déi dach éischter polemesch Ausféierunge vum Här Jung a vum Här Schummer héieren hunn, déi elo anscheinend iwwert dee Projet hiergefall sinn, déi awer vläicht vergiess hunn dass deemools d'Chamberkommissioun, d'Bautekommissioun, d'Jugendkommissioun sech intensiv mam Projet beschäftegt huet, an de Projet hei, wéi déi Motioun vun der Madame Mutsch, Eestëmmegkeet fonnt hu beim Vote, an elo dee Projet hei op eng däraarteg Aart a Weis erofgemaach gëtt, mat Argumenter déi ech net kann deelen, et wär architektonesch kee Konzept fir Hale gewiescht, bei der Bautechnik wären eng Rei Saachen onkomplett gewiescht, de Stat wier mol net am Besëtz vum Terrain gewiescht, wou déi Hal sollt histoe kommen.

Dir wësst ganz genau, Här Jung an Här Schummer, dass haut de Stat mol nach net am Besëtz ass vum Terrain wou den CNA zu Diddeleng gebaut gëtt. Dir wësst dass de Stat haut mol nach net am Besëtz ass vum Terrain wou de Rehazenter soll gebaut ginn. Den Transportminister weess, an d'Bauteministesch och, dass eng Rei vu Stroosse gebaut ginn, wann d'Projete gestëmmt ginn, wou de Stat nach net am Besëtz vun den Terrainen ass. Dat ass also keen Argument, fir dat doten hei ervirzesträichen.

A wann elo den Androck entsteet, dass deemools déi Leit, déi dee Projet gestëmmt hunn, jo offensichtlech da lauter Clowne waren, well dat, wat jo haut richteg ass, war jo deemools offensichtlech och richteg, muss een awer bemierken, dass déi Leit schonn deemools zu engem groussen Deel déiselwecht si wéi déi Leit vun haut. Also muss ech dach soen, dass dat doten d'Strooss net hält an dass déi Argumenter do alleguerten net richteg waren.

Et stellt ee just fest, dass effektiv an der Zwëschenzäit eng Rei vun Zäit vergaangen ass an dass alleguerten déi Leit, déi mat Sehnsüchtegkeet op deen dote Projet gewaart hunn, alt erëm eng Kéier vertréischt gi sinn. Ech stelle fest, dass dës Regierung et fäerdeg bruecht huet och an deem heite Punkt de Leit vill Zäit ze klauen.

Wann dee Projet vun 1999 realiséiert gi wier deen hätt sollen am Hierscht vum Joer 2000 ugefaange ginn, wier deen haut scho laang fäerdeg gewiescht a mir hätte schonn eng Rei vu flotte Concerten an där doter Hal kënne kucke goen. Et ass also an deem dote Beräich vill Zäit verluer gaangen.

Mir hunn als LSAP eis Bedenke vis-à-vis vun deem Projet elo hei geäussert. Mir stëmmen dee Projet trotz alleguerten deene Kriticken do mat a mir géingen eis wënschen, dass alleguerten déi Saachen, déi konzeptuell nach an deem heite Projet ze verbessere sinn, och nach verbessert wäerte ginn.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Zanussi. Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Här Bettendorf, Dir hutt d'Wuert.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, merci fir d'Wuert. Fir d'alleréischt wëll ech de jonke Sozialiste merci soe fir d'Händschen, déi mer de Moie kritt hunn, fir dass mer hei endlech Neel mat Käpp maache sollen. Ech kann d'Händschen nach weider gebrauchen, well e Samschden hu mer zu Bartreng grouss Botz an do komme se mer wierklech zu Paass, well et si fonkelneier. Ech muss awer soen dass, wann ech d'Ausféierunge vun de Majoritéitsparteien haut hei héieren hunn an déi vun der LSAP, dann hätten d'Jonksozialiste besser gehat den LSAP-Vertrieder d'Händschen ze iwwerreeche wéi deenen anere Leit, déi vum Projet begeeschtert sinn.

Ech sinn elo hei erop komm, dunn huet de Kolleeg vun Diddeleng gesot: „Elo geet den Altersniveau nach an d'Luucht, wann hei diskutéiert gëtt." Ech muss einfach soen: Esch, dat war ëmmer d'Héichbuerg vum Rock, an zu Esch hu schonn aner Leit gerockt, wéi vill Leit heibannen nach d'Pampers unhaten.

***(Brouhaha général)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Déi Zäit sinn et nach keng Pampers ginn.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Duerfir verstinn ech och den Här Jaerling, dee léiwer d'Rockhal an en aneren Zentrum gehat hätt wéi do wou se elo hikënnt.

Ech hu gesot: Mir si begeeschtert vum Projet. De Süde vu Lëtzebuerg verdéngt en anstännege Projet no der Coque, no dem Concertssall fir de philharmoneschen Orchester an no diverse Muséeën, déi alleguerten hei an den Zentrum komm sinn. Ech fannen et wichteg, dass esou eng Realisatioun wéi déi heiten op Esch/Belval kënnt.

Wann ech haut e puer Wuert hei soen, dann ass dat well ech mech bei dësem Projet an der Kommissioun enthalen hunn. Ech hunn net derfir gestëmmt an ech muss jo awer iergendwéi begrënne firwat dass ech mech do enthalen hunn, mä an der Kommissioun war ech net eleng mat menger Enthalung. Viru mir huet d'Buergermeeschtesch vun Esch sech bei dësem Projet enthalen. Ech hu mer dunn d'Fro gestallt: Firwat soll ech de Projet gutt fannen, wann déi Escher de Projet net gutt fannen an an der Kommissioun net bereet sinn déi Suen zur Verfügung ze stellen déi gebraucht gi fir esou eng flott Saach ze realiséieren.

Mer musse wëssen, dass de Projet vun 1999 bäi 6,7 Milliounen Euro lung. Haut si mer praktesch 4½-mol méi deier. Wann dat net gewënscht gewiescht wier, wann d'Sozialisten de Projet elo haut hei net gestëmmt hätten, dann hätt ee sech wierklech missen eescht Gedanke maachen, ob een dee Projet hätt realiséiere sollen oder net. Mä wéi gesot, mir sinn der Meenung dass de Süde vu Lëtzebuerg dëse Projet verdéngt a mir wäerten eis och derfir asetzen.

De Käschtepunkt vun dësem Projet ass am Verglach mat deem vun 1999 4½-mol méi héich. Ech hu mer dann natierlech d'Fro gestallt: Wann haut de Projet esou vills méi deier ass a ganz anescht ass, war dann dee Projet vun 1999 näischt, dee Projet dee mer jo awer hei an der Chamber eestëmmeg gestëmmt hunn? Ech hu misse feststellen, wéi ech mech e bëssen an de Projet vun 1999 erageknéit hunn, dass mer wierklech e Projet gestëmmt hunn deen näischt war. Et war schlussendlech soss näischt wéi e Wahlschlager ouni In-

halt, obschonns den deemolegen…

***(Interruption)***

… - ech kommen dorop zréck - Jugendminister gesot huet: „Mat där Eestëmmegkeet kann ee sécher sinn, dass de Projet och realiséiert gëtt.“ Den Här Bodry hat sech gëiert, wat jiddferengem geschéie kann.

Dir hutt mer elo gesot: „Dir hutt e jo och gestëmmt!“

Une voix.- Jo.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Ech muss Iech soen dass all déi, déi 1999 an der Chamber waren, an ech gehéieren och dozou, net brauchen houfreg drop ze sinn, dass se de Projet deemools gestëmmt hunn. Alleguerten déi, déi deemools hei waren, hunn dee Projet gestëmmt, an ech muss Iech soen dass et net gutt ass, wann een ënnert Zäitdrock kuerz virun de Wahlen esou Projeten duerchbrätscht, nach séier forcéiert. Mer wësse wéi et war mam Finanzéierungsgesetz vun de Spideeler, wou mer…

***(Brouhaha général)***

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...1997 an 1998.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Vun deene Spideeler schwätze mer nach eng Kéier.

M. le Président.- Loosst den Här Bettendorf elo schwätzen. Wann ee gären d'Wuert hätt, da soll hie sech et froen. Här Bettendorf, fuert virun.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Hu mer nach Zäit?

M. Niki Bettendorf *(DP).*- …wou mer am Finanzéierungsgesetz bei de Spideeler 15 Projeten och just virun de Wahlen hei duerchgebrätscht hunn, wouvun der aacht fäerdeg a siwen net fäerdeg waren. Dat war d'Realitéit.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- An engem Joer kucke mer wéi vill Projeten hei nach duerchbruecht gi virun de Wahlen, Här Bettendorf.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech géif net esou haart jäizen.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Déi Wierder do kritt Dir nach eng Kéier erëm an engem Joer.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- D'Beispill Rehazenter ass e ganz gutt Beispill.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Bei deenen Diddelenger huet erëm een eng Kéier un hirem Käfeg gerëselt an da gi se aus dem Suedel.

***(Interruption)***

Ech muss Iech soen, ech hunn de Projet vun deemools mat deem vun haut verglach. Ech hu misse feststellen, dass de Projet vun deemools, an dat ass wichteg fir den Här Marc Zanussi, sech op 6.720 m² baséiert huet. De Projet vun haut huet 13.920 m².

***(Interruption)***

Deemools hat Der eng Mezzanine fir 750 Leit a fir de Rescht hat Der fir 4.250 Leit e Plancher vu 1.600 m². Ech hu ganz einfach emol eng Divisioun gemaach. 1.600 m² dividéiert duerch 4.250 Leit, déi deemools do hätte sollen eragoen, dat sinn 0,37 m² pro Persoun. Wéi hätt Der déi dann do erakritt? Déi wäre jo wéi d'Hierken an der Tonn do eragaangen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Et gesäit ee gutt, datt Dir viru 40 Joer gerockt hutt a scho laang net méi probéiert hutt.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Dat ass an der Rei. Ech kann Iech just soen, datt bei 0,37 m² pro Persoun den Här Jaerling net erageet an ech och net a vill vun Iech ginn do och net eran.

***(Interruption)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Jo, déi komme sech haut e bësse méi no.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Ech kann Iech soen, dass mer duerfir nimools eng Autorisatioun beim Kommodo-Inkommodo-Verfahre kritt hätten.

***(Interruption)***

Jo?

Une voix.- Ma dach!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Gitt emol op Rockfestivalen.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Dräi op de m²? Formidabel!

***(Brouhaha général)***

Bon, et ass och deemools Stëmme ginn, och bei de Sozialisten, déi dorop higewisen hunn, mä mer hunn net drop gelauschtert, dass de Projet net gutt an net ganz duerchduecht wier. De Lucien Lux hat gefrot: Wou sinn d'Büroe fir déi Leit, déi do schaffe mussen? Déi Büroe waren net do. Wéi ass et mat de Logë vun den Artisten? Mat hiren Toiletten? Et waren och keng Logë fir d'Artisten a keng Toiletten do. De Lucien Lux hat Erfahrung mat dem Concert, deen hien zu Beetebuerg organiséiert hat. Hie wosst wat huet missen dohinner kommen, wat noutwenneg gewiescht wier.

Nach eng Kéier: De Projet war schlecht! Mä wat deemools hei an den Diskussiounen erauskomm ass, dat ass dass gesot ginn ass: Den Accès an d'Ubannen un den öffentlechen Transport ass formidabel. Et kënnt ee gutt mam Zuch dohinner. Et kënnt ee gutt mam Bus dohinner an effektiv ass dat och esou. Et kënnt ee gutt mam Bus dohinner an et kënnt ee gutt mam Zuch dohinner. Muss ech Iech drun erënnere wéi vill Leit all Dag dohinner schaffe gaang sinn an de leschte Joren? Zum Portal I eran, zum Portal II eran, zum Portal III eran.

***(Brouhaha général)***

Et ass nach net laang hier datt d'Leit dohinner schaffe gaange sinn, an den Accès war ëmmer formidabel. A wann ech hei d'Madame Mutsch héieren, déi seet:…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Jo, fir mam Zuch ze komme misst ee vun der Escher Gare op Belval-Usines fueren. Ech muss ganz einfach der Madame Mutsch soen, datt een op Belval-Usines net nëmme vun der Escher Gare kënnt, mä et kënnt een och vun der Stad, Péiteng, Déifferdeng, Uewerkuer a Bieles aus op Belval-Usines. Vun der Stad kënnt een op Beetebuerg, op Schëffleng, op d'Escher Gare an et kënnt een och op Belval-Usines. Dat heescht bei der Gare vu Belval-Usines kann een dat ganzt Land ouni Problemer ubannen. Een dee seet et kéim een nëmme vun der Escher Gare dohinner, dee weess net wéi den Zuch hei zu Lëtzebuerg fiert. Et deet mer Leed, mä ech hunn dat eng Kéier hei soe missen.

Wann ech d'Diskussiounen e bësse richteg nogelauschtert hunn, dann huet de Kolleeg Ady Jung gesot a gemengt, et kënnt Énn Juli ugefaange gi mat bauen.

***(Interruptions)***

…oder Juli 2003.

Ech weess, datt d'Madame Minister dat géif wëllen, mä dat geschitt net, an dat ginn ech Iech haut schrëftlech op eng Salztut. Aus e puer Ursaachen. Eng dovunner ass, dass d'Prozeduren, an der Escher Gemeng an och an der Suessemer Gemeng, mol mussen ofgeschloss sinn, fir do kënnen unzefänken ze bauen. Reklassementer, PAPen an esou weider, déi Prozeduren déi mussen ofgeschloss ginn.

Ech muss Iech soen, dass scho virun enger gewëssener Zäit d'DEXIA-BIL gesot huet, mir fänken am Fréijoer un do ze bauen. Mä och d'DEXIA-BIL fänkt net dëst Fréijoer do un ze bauen. D'DEXIA-BIL huet elo wëlles no dem Congé collectif unzefänke mat bauen, an och do muss nach gewaart gi fir dass sämtlech Prozeduren duerchlaf sinn, et muss do ofgerappt ginn an et muss sanéiert gi fir dass do effektiv ka gebaut ginn.

Ech wëll nach vläicht eppes zu de Parkplazen soe wou bemängelt gëtt dass der nëmmen 150 do sinn. Do sinn ech e bëssen hin an hier gerappt, mä ech sinn trotz allem der Meenung, wa mer wëllen an der Zukunft dem öffentlechen Transport eng Chance ginn, da musse mer d'Parkplaze reduzéieren.

Huele mer an der Stad Lëtzebuerg den Utopolis. Den Utopolis huet keng Parkplazen. Et sinn der vill gesicht ginn an op eemol si Synergië fonnt ginn, fir effektiv Parkplazen am Auchan ze fannen - virdru war et d'Foires Internationales, dunn ass dat net méi gaangen an elo si se am Auchan. Och hei kënnen, menger Meenung no, wat d'Parkplazen ubelaangt, Synergië mat aneren Institutiounen fonnt ginn, wéi d'DEXIA-BIL, déi, wa sou Manifestatioune stattfannen, net schaffen. Ech mengen et wier wichteg fir och u Synergië mat Betriber ze denken.

Ech muss Iech och soen, an ech hunn dat och elo scho vun der Stad Lëtzebuerg gesot, wann hei um Kierchbierg an der Coque eng Manifestatioun stattfënnt - elo geschwënn am Abrëll kënnt eng „Sport mat Show“-Manifestatioun, an do sinn haut scho 6.000 Plazen verkaf -, ma do ass et d'Stad Lëtzebuerg déi hëlleft den öffentlechen Transport ze organiséieren, fir op de Site ze kommen.

Am Süde rifft d'Madame Mutsch ëmmer nom Transportminister, si freet: Här Transportminister, wéi ass et? A wat den TICE ubelaangt, wou den Här Marc Zanussi jo Vizepresident ass, déi Bussen - si ass jo awer och gefuerdert -, si fuere jo awer vun Diddeleng op Rodange, duerch de ganze Kanton Esch, an ech mengen déi missten dach awer och do hiert Schëffelche bäidroen. Et ass wichteg, dass och d'Busse geziilt net all Stonn, net all zéng Minutte fueren, mä wa Manifestatioune sinn, à la carte. Dat ass richteg, et ass zwar méi eng schwéier Organisatioun wann een den öffentlechen Transport wëllt à la carte maachen…

Une voix.- Et muss awer een et bezuelen.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Ah, et muss een et bezuelen! Da muss ech Iech zum Beispill soen, den Defizit vum TICE, dee gëtt gréisstendeels oder mindestens zu 50% vum Stat iwwerholl. Ass dat net esou?

Une voix.- Dach. An déi aner 50% vun de Gemengen.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Wéi ass dat bei der Gemeng Lëtzebuerg? Also ech sinn hei kee Verfechter vun der Stad Lëtzebuerg, mä d'Stad Lëtzebuerg kritt null fir den Defizit dee se mécht, an Dir kritt an de Südgemenge 50%. Och dat ass wichteg dem Vizepresident vum TICE mol eng Kéier hei an Erënnerung ze ruffen.

***(Brouhaha général)***

Ech muss Iech soen, Dir Dammen an Dir Hären, mir als Demokratesch Partei, mir begréissen dëse Projet, dëse Centre de Musique amplifiée zu Esch/Belval, genannt Rockhal. 4.000 Leit, dat geet duer. Ech kucken d'Statistike vun der Madame Mutsch, déi gesot huet, dat wat 2001 war, dat war esou minim. Dofir, wa si Recht hätt, da bräichte mer dat iwwerhaapt net, wann den Här Zanussi Recht hätt, dann ass et net grouss genuch. Dofir mengen ech 4.000 Leit, dat geet duer.

Et ass wichteg dass mer do Proufsäll hunn, dass mer eppes fir eis Lëtzebuerger Gruppen hunn. Jiddfereen dee Buergermeeschter war, deen ass vun där enger oder anerer Grupp gefrot ginn, ob e keng Säll disponibel hätt wou déi Leit kënne prouwen. Dofir sinn ech frou, dass och déi Säll dohinner kommen. Ech si frou dass e Studio dohinner kënnt fir ze enregistréieren. Ech si frou dass en Espace multimedia dohinner kënnt an och natierlech eng Brasserie, wou net ka gesot ginn, déi wier net wichteg. Dat Ganzt ass en duerchduechtene Projet. Kee Projet ass perfekt à la base, dëse wäert et och net sinn, mä mir als Demokratesch Partei sti voll a ganz dohannert. En ass op alle Fall besser wéi déi Attrappe déi mer hei 1999 gestëmmt hunn a wat näischt war.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Kulturminister Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, atmosphäresch wëll ech fir unzefänken eppes zu dëser Diskussioun soen, an deem wat sech de Moien an der Chamber a virun der Chamber ofgespillt huet.

Wéi ech hei era komm sinn, an déi jonk Leit op der Trap gesinn hunn, do hunn ech geduecht: Ah tiens, déi Jonk manifestéiere sech géint de Krich am Irak. An da kréien ech en Ziedel an de Grapp wou déi Jonk soen, si wieren déçu, datt se eng Hal krite wou nëmme 4.000 Leit géifen dra goen.

Ech mengen dat seet wou mer hei histeieren, wa mer den Débat sou féieren, wéi en hei vu verschiddene geféiert ginn ass.

Plusieurs voix.- Très bien.

***(Brouhaha général)***

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Mir kréien hei eng Rockhal, mir maachen hei en Investissement an d'Kultur deen eemoleg ass, an dee vun all deenen, déi e mat stëmmen - a laut deem wat ech héieren hunn, stëmmt jo jiddfereen e mat, obschonns datt en dergéint geschwat huet -, awer och muss motivéiert gi vis-à-vis vun deene Leit déi soen: Ass dat net ze vill fir an d'Kultur?

An ech mengen an deem Sënn ass et bedauerlech, wann esou vill Kritik un engem Projet ubruecht gëtt, deen nach laang net vu jiddferengem an der Lëtzebuerger Bevölkerung gedroe gëtt. An da wëll ech awer entgéint stellen datt mer, an der Lëtzebuerger Bevölkerung a bei deenen déi sech, all Kéiers wann an d'Kultur investéiert gëtt, zu Wuert mellen, een anere Reflex net hunn.

Am Sport mellt ni ee sech zu Wuert datt et ze vill wier. A wann et ëm d'Kultur geet, dann heescht et op eemol, dat wier fir Divertissementer oder dat wier fir onnëtz Saachen, déi mer net bräichten.

An dofir sinn ech frou, datt mer an dëser Regierung konnten eng Partie Defizienzen ophuelen an datt mer och an der viregter Regierung do Meilesteng gesat hu fir déi Defiziter, déi mer an den Infrastrukturen hunn, hei opzefänken.

Ech soen dem President an dem Rapporteur vun der Kommissioun merci. Ech soen awer och deene Fonctionnairen merci aus deenen zwee Ministèren, dem Bauteministère an dem Kulturministère, déi sech fir dëse Projet vill agesat hunn, an ech weisen déi dénigrant Bemierkungen, déi hei vun engem Deputéierte gemaach si ginn, à l'égard vun de Fonctionnairen, entschieden zréck.

Une voix.- Très bien.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Ech mengen, déi Leit déi maachen hir Aarbecht, an dack mat villen Iwwerstonnen a mat engem grousse perséinlechen Asaz, an da solle se net hei vun Deputéierte gesot kréien, si géifen näischt schaffen a si wieren net déi déi eist Land viru brénge géifen, well et ass dach dack mat hirem Asaz wou mer vill Projete mat kriddlechem Hannergrond konnte finaliséieren a virun dreiwen.

Une voix.- Très bien.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Et handelt sech hei ëm en Investissement an de Site Belval an, Här President, ech mengen dofir ass ee grad hei gefuerdert - bei dësem Projet méi wéi bei iergend engem aneren -, Zukunftsvisiounen ze entwéckelen.

An et gëtt mer Angscht, wann ech hei verantwortungsvoll Politiker aus Gemengen héieren, déi net capabel sinn déi Zukunftsentwécklung ze ahnen. Mir bauen hei eng Rockhal fir de spéidere Site vun der Universitéit. Mir bauen hei fir d'Zukunft. Mir bauen hei fir e Site Belval, wou eng Kéier 20.000 Leit sollen hikommen. Da kënne mer dach net d'Rechnunge maachen, mat deene Concerten déi organiséiert gi sinn an der Vergaangenheet. Mir mussen dach hei an d'Zukunft kucken.

Mir hu vu staatlecher Säit wëlles, eleng an de Site Belval eng Milliard Euro ze investéieren. Dat si 40 al Lëtzebuerger Milliarden. An deem Sënn ass dat heiten een Ufank. Et ass also e Projet mat enger Zukunftsvisioun a forcément ass de Projet dofir och e bëssen anescht wéi dee Projet vun 1999. Well zënter 1999 huet sech jo vilies op deem Site vu Belval gekläert. Mir waren 1999 an enger anerer Situatioun, wou mer net esou kloer gesinn hu wou mer mat deem Site géifen histeieren. Mir waren net an der Lag, datt mer déi Verhandlungen esou wäit gedriwwen haten. Mir hate kee Masterplang, mir hate keng Entwécklungs…

***(Interruptions)***

Jo, mä mir haten déi urbanistesch Entwécklung vun deem Site net esou wäit viru gedriwwen.

An, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn Zeien, well ech war jo och an där Regierung an ech kann Iech soen, den Här Bodry huet sech vill mat deem Projet Rockhal geplot an e stoung dack isoléiert a senger Partei do, an ech muss och soen datt et och deemools Kontroversë ginn huet, …

***(Brouhaha général)***

…datt et zu deem Projet munnech kritesch Stëmme ginn huet, datt och d'Madame Mutsch deemools net geschwat huet, net als Riedner beim Projet opgetratt ass, an datt virun allem - an dat ass jo den Ursprung vun deem neie Projet - dee Projet deemools net am Bauteministère ausgeschafft ginn ass, an de Bauteministère hat vun deem dote Projet praktesch keng technesch Kenntnis.

Une voix.- Wéi dat dann?

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux*

*publics.*- Duerfir huet sech déi Fro gestallt wéi mer am Bauteministère un d'Realisatioun vun deem Projet do sollten erugoen. Wou fänke mer dann elo un, emol ofgesi vun all deene Froen, déi net gekläert waren, wat déi spéider Notzung vun der Gebléishal sollt ugoen a wat d'Ausriichtung vum Site Belval am Detail sollt ugoen? Mir waren awer technesch och net an der Lag mat deene Gelder, déi d'Chamber eis gestëmmt hat, deen dote Projet ze realiséieren.

An zwar war bei der Berechnung vum Projet net berücksichtegt ginn, dass déi Gebléishal huet missen a Stand gesat ginn. Déi Astandsetzung konnt den Här Bodry deemools net mat aberechnen, well hien net wousst wou et da géif higoe mat där Gebléishal, well dat Ganzt nach e Provisorium war. Berechnunge si gemaach ginn, wat et da géif kaschten; si sinn iwwregens elo aktualiséiert, well d'Regierung de 14. Mäerz vun dësem Joer jo de ganze Programm vun den Investitiounen op der Terrasse des hauts fourneaux festgehalen huet an do d'Berechnunge gemaach huet. Déi Gebléishal a Stand ze setze kascht 12 Milliounen Euro.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir hat also e Projet gestëmmt fir sechs Milliounen, bei deen 12 Milliounen Euro dobäikomm wären. An dat war meng Fro un d'Regierung: Soll ech dann elo dat dote realiséieren oder solle mer net e ganz neie Projet maachen au vu vun der Décisioun fir eng Cité des sciences op Belval ze installéieren, fir do vill Jugendlecher hin ze kréien a fir eng ganz aner atmosphäresch Virausetzung fir esou e Projet ze kréien? Ech krut vun der Regierung den Optrag en neie Projet de loi auszeschaffen an dee läit haut vir.

Wéi ass deen neie Projet ausgeschafft ginn a wien ass gefrot ginn? Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn eis selbstverständlech op déi Dokumenter, déi den Här Bodry vun 1996 un erstallt hat, beruff. Mir hunn déi als Basis geholl. Mir hunn eis zesummegesat mat Backline. Backline ass eng Associatioun vu Museksgruppen. Et ass also eng Vereenegung, déi duerchaus och Kontakter huet zu Concertsorganisateuren. Backline ass och vertrueden an der Kulturfabrik a Backline ass vertruede bei den Organisateure vu Live at Vauban a bei all deenen dote Concerten.

Mir hunn net mat deene professionellen Organisateure geschwat - an dat soen ech ganz bewosst hei -, well mir wësse wat déi wëllen. Déi wëllen eng Hal oder eng Garage, wou méiglechst vill Leit dra ginn, fir dass vill Sue kënne verdéngt gi mat de Concerten. Mir musse jo awer wëssen, dass deen heiten Domän en Domän ass wou et och ëm vill Geld geet. Duerfir hunn ech mech ganz bewosst do zréckgehalen, an et ware jo och déi professionell Organisateuren, déi dem Här Bodry säi Projet an der Zäit kritiséiert hunn, well deenen huet et och deemools net gutt gefall, esou wéi de Projet konzipéiert war.

Mir wëssen dass mer op e puer Kilometer Amnéville hunn a mir wëssen entre-temps dass mer eng Coque hunn, a fir ze beleeë wéi an der LSAP d'Situatioun hin an hier gaangen ass, wat d'Gréisst ugeet, zitéieren ech den Här Lux, dee bei der Debatt vun 1999 gesot huet: „Dir kënnt Iech drun erënneren, dass mer jo och do laang gebraucht hu bis mer eis eens waren, ob mer dann eng Hal vun 10.000 Leit bräichten oder eng wéi déi heiten. Ech menge mir hunn eis herno drop gëeenegt, dass déi Kierchbierger Hal déi gréisser Besoinen - et ass jo awer nëmmen zwee- bis dräimol am Joer, wou een e Concert huet vun 10.000 Leit - zefridde stellt an also eng Gréisstenuerdnung vu 4.000 bis 5.000 Leit all deenen aneren Usprëch, a wann een e bëssen déi lescht Jore kuckt, géif gerecht ginn." Esou wäit den Här Lux.

Den Här Lux huet sech also ganz kloer ausgeschwat fir eng Hal vu 4.000 bis 5.000 Leit. Mir hunn hei eng Hal déi op 4.000 Leit berechent ass an, Här President, den Här Zanussi huet dem Här Bettendorf net gutt nogelauschtert. Den Här Bettendorf huet d'Berechnung gemaach vun de Meter carréen. Wa mer wëssen datt déi heiten Hal op 3 m² eng Persoun berechent, da kënne mer héichrechnen, dass wann déi Normen ugewannt ginn, déi fir de Moment am Atelier stattfannen, wou pro m² vill méi Leit drop sinn, wat déi heiten Hal vu Kapassitéiten huet. Also didd Iech dach net schwéier mat der Wourecht! Hei gëtt eng Hal gebaut déi de Besoinen entsprécht, an hei gëtt eng Infrastruktur bereet gestallt déi och deem gerecht gëtt, wat déi Lëtzebuerger Zeen vun deenen dote Concerte braucht.

Et gëtt eng Hal, déi ganz bewosst op d'Besoine vun der Lëtzebuerger Zeen ausgeriicht ass. Et gëtt 300 Lëtzebuerger Gruppen. Ech hat mech bei der Pressekonferenz ëm eng Null gëiert. Et gëtt der net 30, et gëtt der 300. Et gëtt 300 Lëtzebuerger Gruppen déi aktiv sinn an där doter Musek maachen. Et gëtt also eng Lëtzebuerger Zeen déi drop waart dass se eng Infrastruktur kritt, wou se sech och emol ka bedeelegen. Wat jo bedauerlech ass, ass dass, all Kéiers wa mer där grousser Staren heihinner kréien, dann d'Lëtzebuerger an de Virprogrammer spillen däerfen, awer gewéinlech sinn d'Notabilitéite bei de Virprogrammer iwwerhaapt emol nach net do fir deene Lëtzebuerger Gruppen nozelauschteren. An deem Sënn ass et wichteg, dass een och si berücksichtegt an hinnen d'Geleeënheet gëtt fir opzetrieden.

Ech denken awer och, dass dës Hal fir d'Besoine vun der spéiderer Uni eng gutt Infrastruktur ass, an ech denken dass et ganz besonnesch eng Infrastruktur gëtt, déi eis och erméiglecht eng Prise en charge vu ville Jugendlechen ze maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sti viru grousse Krisemomenter, wa mer gesi wéi heiansdo Jugendlecher keen Doheem méi hunn, wat sech nach esou kann nennen, wéi se da mat der Strooss mussen eens ginn a wéi se iwwer esou Projete wéi déi heite grad kënnen higefouert ginn zu enger sënnvoller Notzung vun hirer Fräizäit. Ech hunn dëse Projet och a senger Konzeptioun als eng Méiglechkeet fir eng Prise en charge vu Jugendleche gesinn.

Ech wëll haut net iwwert den Etablissement public diskutéieren. D'Regierung huet en déposéiert. D'Regierung huet décidéiert - dat ass an der Pressekonferenz och gesot ginn - deen Etablissement public mat 2 Milliounen Euro ze dotéieren. Et ass also ganz kloer, dass fir d'Décisioun an der Regierung eng Fiche financière virluch, an duerfir ass och déi Resolutioun sans objet, well et evident ass datt an der Kulturkommissioun d'Madame Presidentin hiert Bescht mécht fir de Projet esou séier ze stëmme wa mer den Avis vum Conseil d'Etat hunn.

***(Interruption)***

Et ass dann och e Projet, deen net ausschliesslech fir Concerten ze kucken do ass. Et ass e Projet, deen eng Vielfalt vu Manifestatioune méiglech mécht, dee Manifestatiounen aller Zort méiglech mécht, wou ee ka Foiren organiséieren, wou zum Beispill d'Studentebaler eng Plaz kënne fannen, vu dass et jo net méi esou einfach ass fir haut nach eng Plaz ze fanne wou fir e Studentebal nach Infrastrukture bereet gestallt ginn. Et ass e Projet wou ee villes fir Kanner kann organiséieren. Et ass e Projet wou Ausstellunge kënne stattfannen a wou munch Manifestatioun ka stattfannen, déi net direkt mat der Kultur ze dinn huet.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Ass meng Zäit iwwerschratt?

M. le Président.- Neen.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Et ass also e Projet deen net nëmmen esou enk ze kucken ass, an ech mengen duerfir ass et och scho berechtegt, dass de Stat déi dote Suen investéiert.

Ee Wuert dann nach zu den Organisateuren. Hei ass opgelëscht gi wéi vill Concerten et solle ginn. D'Madame Mutsch huet do falsch Zuele genannt, well am Joer 2001 waren eleng 150 Concerte bei der Sacem ugemellt an am Joer 2002 waren et der och esou vill, a wann ee weess dass net all d'Concerte bei der Sacem ugemellt ginn, da waren et der bestëmmt méi wéi déi doten 150.

Et läit mir awer och um Häerz, datt mer hei Kloerheet an deen dote Business kréien. Ech mengen do ass den Numm vu Lëtzebuerg am Spill. An iwwerall do wou den Numm vu Lëtzebuerg am Spill ass a wou gewosst ass bei auslännesche Concertsorganisateuren, do huet e Lëtzebuerger organiséiert an d'Artisten hunn nach haut hir Suen net, Lëtzebuerg ass eng Plaz wou d'Artisten net bezuelt ginn, do musse mer wachsam sinn. Well, Dir Dammen an Dir Hären, déi déi sech hei e bësse méi am Fong informéiert hunn, déi wëssen dass et munch grousst Evénement gouf wou dann herno op eemol d'Keess net méi do war.

An deem Sënn ass et vläicht néideg dass mer hei speziell Rahmebedingunge fir de Beruff vum Concertsorganisateur schafen. Ech hu mech an där doter Fro un de Minister vun de Classes moyennes gewannt, well ech mengen et wär schlecht wa mer am Ausland déi eng oder aner Grupp net kriten, well se eben hei an deem dote Sënn schlecht Erfahrunge gemaach hunn.

Dat gesot, muss ech jo soen, datt déi Fro vum Transport, an ech sinn dem Transportminister dankbar datt en hei ass, well ech géif vläicht net ganz roueg zu där Fro schwätzen, ech soen nëmmen ee Saz: Wéi mer 1999 iwwert de Projet diskutéiert hunn, do koum bei kengem vun de Riedner vun der LSAP eng Fro iwwert den öffentlechen Transport.

Une voix.- Dat ass net richteg!

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Dir Dammen an Dir Hären, ech huelen un datt, sou wéi 1999 d'Froe vum öffentlechen Transport geléist waren, se haut och geléist ginn.

Ech soen all deene merci, déi fir dëse Projet stëmmen, an domat hoffen ech, datt mer dann och geschwënn eng Baugenehmegung kréien, well elo läit de Ball bei der Buergermeeschtesch vun der Escher Gemeng. Soubal wéi de PAG definitiv gestëmmt ass kënne mer lass fueren. Mir si prett an de Chantier kann nach virun der Vakanz ugoen.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Transportminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et verwonnert vläicht wann ech zu dësem Projet d'Wuert ergräifen, besonnesch wou déi meescht heibanne jo och wëssen, dass ech kaum wäert Client vun där Installatioun ginn, iwwert déi d'Chamber…

***(Interruption et brouhaha général)***

Här President, den Här Di Bartolomeo huet mer e Stéchwuert ginn.

An dee Projet virdru wär ech bestëmmt net eragaangen, do wär hie souguer net eragaangen.

***(Hilarité)***

An dëse Projet, sou wéi e vu menger Kolleegin, der Bauteministesch, konzipéiert ass, ass et ganz sécher, dass ech souguer géif erakommen an erapassen, an deemno wat fir en Evénement do ass, géif ech mer dat och iwwerleeën, Här President, a vläicht géif ech souguer mam öffentlechen Transport dohinner fueren.

An dat ass mäi Stéchwuert, well hei ass sech jo Gedanke gemaach ginn, a besonnesch, Här President, vun der Buergermeeschtesch vun der Stad Esch, d'Stad Esch déi jo bekannt ass fir déi ganz grouss Efforten, déi se am öffentlechen Transport mécht. Si inspiréiert sech do un deem wat d'Stad Lëtzebuerg mécht, déi jo 25 Milliounen Euro d'Joer an den öffentlechen Transport stécht. Dat ass op Esch opgerechent e Montant zwëschent 8 an 9 Milliarden, déi d'Stad Esch am Benchmarking an den öffentlechen Transport kéint investéieren, wa se dat wéilt, a si sinn amgaangen un engem Konzept ze schaffe fir den öffentlechen Transport an Esch sensibel ze verbesseren, sou wäit wéi ech dat gesot hunn, an da wäert dat jo och do, ähnlech wéi an der Stad Lëtzebuerg, an nächster Zukunft optimal funktionéieren.

Ech wollt hei just der Chamber soen, dass wann déi Salle de musique amplifiée opgeet, deen Dag wou déi opgeet, klappt den öffentlechen Transport, da kënnt Der mam Zuch an duerno och mam Tram, wa mer bis dat Material hunn, mä fir d'éischt emol an enger éischter Etapp mam Zuch, vu Wäisswampech, vun Ëlwen, vu Klierf, vu Wolz, vu Kautebaach,…

***(Interruption)***

Ma vu Wäisswampech huelt Dir fir d'éischt de Bus, Dir fuert bis op déi nächste Gare, setzt Iech an den Zuch an Dir klammt dann op enger Gare eraus - an de Kolleeg Niki Bettendorf huet dat jo schonn hei ernimmt -, déi 150 Meter ze Fouss vun där Salle ewech ass. Méi no kréien ech beim beschte Wëlle weder Zuch nach Tram dobäi.

***(Hilarité et interruptions)***

An och wann ee vu Péiteng kënnt…

***(Interruption)***

Här President, och wann ee vu Péiteng oder vu Rodange oder vun Nidderkuer, vun Uewerkuer, vu Bieles wëllt mam Zuch dohinner fueren, oder spéider mat engem Tram, da kënnt een och op där Gare eraus, geet seng 150 Meter an ass an där Salle. An e kënnt och, Här President, duerno erëm heem.

***(Interruption)***

E kënnt och duerno erëm heem, et hänkt just dovun of, mir mussen eis eens ginn, wéini duerno ass. Ass dat wann den Evénement eriwwer ass oder ass dat aacht Stonne méi spéit; da muss e vläicht op deen normalen Zuch waarden. Mä et ass geplangt fir wa gréisser Evénementer sinn, wann ee groussen Deel vun deenen 12.500, wann déi an deenen hir Kanner - huelen ech un, dat si jo d'Haaptclienten -, bis alleguerte regelméisseg dohinner kommen, a mir hunn dann Evénementer vu 4.000 bis 5.000 Leit déi un esou Manifestatiounen deelhuelen, da wäerte mer selbstverständlech mussen extra Zich asetzen. Dat wäert dann och mat den Organisateuren ofgesprach ginn an et wäert kee Problem si fir dohinner ze goen.

Ech wënsche jo dëser Installatioun, dëser Salle de musique amplifiée, dass se ganz grousse Succès huet. Mir kréien zwar da Problemer am öffentlechen Transport, an d'Tariffer - well dat och gefrot ginn ass, wie wäert dat bezuelen - wäerten déi sinn, wéi se dee Moment am öffentlechen Transport en vigueur sinn a wéi se och fir aner Manifestatiounen ze bezuele sinn. Ech ginn dovun aus, dass déi meescht wäerte mat Jumboskaarte fueren, sou dass déi absolut kee Problem hunn, déi wäerten also keen eenzegen Euro méi kaschten.

Här President, wann awer dann an enger éischter Phas, wou deen Opfaangparking nach net gebaut ass, da ginn ech dovun aus dass d'Stad Esch mat den Organisateuren zesumme wäert dofir suergen, dass vu Parkingen, déi an der Géigend sinn, ob dat elo e Centre commercial ass oder aner gréisser Parkingen déi an der Géigend sinn, do Navetten organiséiert vun der Stad Esch op de Site fueren, fir d'Leit dann do eraus ze loossen, ähnlech wéi dat am Moment an der Coque um Kierchbierg de Fall ass, wou d'Stad Lëtzebuerg deementspriechend Navetten organiséiert, sief et vum Parking Bouillon oder vun anere P&Ren aus. D'Stad Esch ass jo do amgaangen hire Konzept ze entwéckelen, ech si guddes Mutts, Här President, dass dat optimal wäert funktionéieren, vu staatlecher Säit op alle Fall kann ech Iech déi Garantie ginn, ech sinn iwwerzeegt dass d'Gemeng och wäert hiert Bescht maachen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5055 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwert de Projet de loi 5055.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Marco Schroell), Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Théo Stendebach), Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener.*

*S'est abstenu: M. Lucien Weiler.*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

An da fuere mer weider mat eisem Ordre du jour.

Mir hunn hei nach eng Resolutioun vum Här Garcia, den Här Garcia huet se erkläert, Dir hutt se schréftlech virun Iech leien, sou dass mer direkt kënnen ofstëmmen.

***(Interruptions)***

Ah, den Här Lucien Weiler freet d'Wuert. Här Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, ech fannen zwar dass déi Resolutioun hei absolut iwwerflësseg ass. Ech menge mir sinn all domat d'accord, wann dee Projet hei aviséiert ass vum Conseil d'Etat, dass mer alleguer bereet si fir en direkt an déi éischt Sitzung déi nëmme méiglech ass ze huelen an en ofzestëmmen. An d'Fiche financière huet d'Madame Hennicot och fäerdeg, si gëtt déi an d'Kommissioun eran, fir dass déi Fiche zesumme mam Projet analyséiert ka ginn. An dofir fannen ech et awer wierklech total iwwerflësseg, fir dass mir eis elo selwer sollen opfuerderen, dat wat mer alleguerte matenee wëlles hunn an déi beschten Intentiounen hunn, fir dat och elo nach an enger Resolutioun festzehalen.

Dofir denken ech dass dat hei superfétatoire ass an deementspriechend proposéieren ech de Kolleegen, dass se se sollen zréckzéien. An am Fall wou si et net zréckzéien, leene mir se of, well dat heite gëtt gemaach, an ech gesinn net a firwat mer et och elo nach mussen an enger Resolutioun festhalen.

M. le Président.- Den Här Garcia huet d'Wuert gefrot.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Här President, dat mat där Fiche financière, dat stëmmt jo net. Ech krut e Bréif geschéckt vun der Regierung, en Avis zu menger Proposition de loi, an do war et de fënnefte Punkt wou meng Proposition de loi kritiséiert ginn ass, well keng Fiche financière dobäi war. A bei hirem Projet, beim Projet de loi vun der Regierung, wär eng Fiche financière dobäi. Se ass weder bei der provisorescher Versioun, nach war bei där Versioun déi mir iwwert de Courrier électronique kritt hunn dobäi. An d'Madame Ministerin huet gesot si hätt bei der Pressekonferenz gesot, d'Fiche financière géif zwou Milliounen Euro bedroen. Dat ass jo ganz sympathesch, mä ech weess net ob d'Chamber neierdéngs soll d'Fiches financières iwwer eng Pressekonferenz gewuer ginn, an dofir sinn ech awer nach ëmmer dofir dass mer dat heite solle festhalen, well soss fäerten ech geet et wéi sou oft, da kënnt déi Fiche financière an der leschter Minutt wann de Projet ofgestëmmt gëtt, an dofir wëll ech déi Resolutioun hei oprecht erhalen.

M. le Président.- Här Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Also, Här President, dee Projet ass elo virun zwou oder dräi Wochen déposéiert ginn, en ass vun der Kommissioun nach net analyséiert ginn. Wann d'Kommissioun sech mat deem Projet do ofgi wäert, da läit och d'Fiche financière vir, an deementspriechend kënnen déi zwou Saachen da matenee gekuckt ginn.

***(Interruptions diverses et brouhaha général)***

M. le Président.- Mir stëmmen dann of. Et ass e Vote électronique verlaangt.

***Résolution 1***

Mir stëmmen elo of iwwert d'Resolutioun 1.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Resolutioun ass verworf mat 34 Nee- a 25 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Mars Di Bartolomeo), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Marco Schroell), Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par Mme Simone Beissel), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4959, engem Protokoll zur Konventioun géint d'Diskriminéierung vun de Fraen, an dem Projet de loi 4960, engem Amendement zur Konventioun géint d'Diskriminéierung vun de Fraen. Iwwert déi zwee Projete gëtt gläichzäiteg diskutéiert. Et si bis elo schonn ageschriwwen: d'Madame Err an d'Madame Nagel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Ferny Nicklaus-Faber.

## 2. 4959 - Projet de loi portant approbation du Protocole facultatif à la Convention sur l'élimination de toutes les formes de discrimination à l'égard des femmes, adopté par l'Assemblée Générale de l'Organisation des Nations Unies, le 6 octobre 1999

## 4960 - Projet de loi portant approbation de l'amendement au paragraphe 1 de l'article 20 de la Convention sur l'élimination de toutes les formes de discrimination à l'égard des femmes, adopté à la huitième réunion des Etats Parties le 22 mai 1995

***Rapport de la Commission de l'Egalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine***

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zwee Gesetzesprojeten, déi mir haut an der Chamber zur Ofstëmmung virleien hunn, droen zu enger Verbesserung vum Schutz vun de Fraerechter bäi. De Projet 4959 huet als Objet dem fakultative Protokoll zur CEDAW-Konventioun zouzestëmmen. Et ass e wichtegt juristescht Instrument, dat fir eng méi effizient Ëmsetzung vun der Konventioun steet.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Lauschtert dach e bëssen no!

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV), rapportrice.*- Dir kënnt lech berouegen, ech hunn net fir laang.

***(Brouhaha général)***

D'CEDAW-Konventioun huet hiren Objektif nach net ganz erfëllt. D'Orientéierungsdebatt, déi d'lescht Woch am Kontext vum internationale Fraendag an der Chamber organiséiert gouf, huet gewisen, datt d'Ongläichheeten tëschent Fraen a Männer weider bestinn. Et ass eng Tatsaach, datt verschidde Länner et ënnerloossen déi eng oder déi aner Diskriminéierung dem Kontrollorgan vun der Konventioun dem CEDAW-Comité ze mellen. Déi héich Zuel an d'Natur vun de Reserven erklären och deelweis dësen Zoustand.

Während der Weltkonferenz iwwert d'Mënscherechter zu Wien 1993 gouf d'Iddi zréckbehalen d'Rechter vun de Frae méi wierksam ze garantéieren iwwert de Wee vun neie Prozeduren. Den CEDAW-Comité an d'Fraekommissioun vun der UNO goufen opgefuerdert iwwert e System nozedenken, wou d'Leit d'Méiglechkeet hätte bei verschiddenen Organer Kloen anzereechen. Dëse Mechanismus huet sech schonn am Kader vun aneren internationalen Traitéë bewäert, wéi zum Beispill bei dem internationale Pakt iwwer zivil a politesch Rechter oder bei der Konventioun iwwer rassistesch Diskriminéierungen.

Am Mäerz 1999 huet d'Fraekommissioun vun der UNO e Protokoll zur CEDAW-Konventioun ugeholl, deem d'Generalversammlung an enger Resolutioun vum 6. Oktober 1999 zougestëmmt huet. Dëse Protokoll féiert zwee nei Rechter an. Als alleréischt en individuellt Petitiounsrecht zugonschte vun eenzelne Leit a Groupementer, déi sech un den CEDAW-Comité wenne kënnen ënner Form vun enger direkter Klo, wa se der Meenung sinn d'Rechter, déi d'Fraen op Basis vun där Konventioun zegutt hunn, géife vun engem Etat signataire net respektéiert ginn. Eenzeg Viraussetzung ass, dass all intern Recoursë mussen erschöpft sinn.

Den CEDAW-Comité huet als Aufgab d'Diskriminéierungsfäll ze analyséieren an dem „Konventiounsbriecher" seng Bemierkungen a Recommandatiounen ze iwwermëttelen. Dat betreffend Land huet am Prinzip da sechs Méint Zäit fir Stellung ze huelen an den CEDAW-Comité iwwert d'Moossnamen ze informéieren, déi geholl gi si fir där diskriminatorescher Situatioun en Enn ze setzen. Am Fall vun enger Gefor fir de Plaignant huet den CEDAW-Comité d'Recht Sécherungsmoossnamen ze huele fir d'Integritéit an d'Rechter vum Plaignant kënnen ze schützen.

De Protokoll erkennt dem CEDAW-Comité och en eegent Ermëttlungsrecht un am Fall vun enger Verletzung vun der CEDAW-Konventioun. De Comité kann agräifen, ouni dass eng Klo virläit. Am Kader vun dëser Prozedur huet de Comité d'Méiglechkeet eng Ermëttelung ze ordonnéieren. Falls dat betraffend Land averstanen ass kann dës Ermëttelung eng territorial Inspektioun beinhalten. Nodeem d'Ermëttelung ofgeschloss ass, gi Resultater an eventuell Recommandatiounen deem a Fro kommende Land ënnerbreet, dat dorobber Stellung huele kann. D'Ermëttlungsrecht gesäit awer keng Zwangsmoossname vir. D'Länner, déi de Protokoll ratifizéiert hunn ouni eng Reserv ze maache wat d'Prozedur ugeet, dierfe keng Ermëttelungen duerch den CEDAW-Comité refuséieren.

Vergeltungsmoossname vis-à-vis vun deene Leit, déi sech un de Comité wenden, si strengstens verbueden. D'Länner, déi dem Protokoll bäitrieden, sinn opgefuerdert entspriechend Moossnamen ze huele fir Aschüchterungsmanöveren ze verhënneren.

Här Bodry, Dir kënnt vläicht och dobausse schwätzen. Et wier manner lästeg fir deen, deen hei ass.

***(Brouhaha général)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Esou haart huet hien elo net geschwat, dass Dir gestéiert gi sidd.

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV), rapportrice.*- Also, dat do ass net ze iwwerhéieren.

E weidert wichtegt Element vum Protokoll ass d'Onméiglechkeet fir d'Länner Reserven ze maachen, ausser wat d'Enquêtëprozedur ugeet. Domat gëtt verhënnert, datt de Protokoll en einfache Pabeier bleiwe soll.

Deen zweete Projet de loi, dee mer haut an der Chamber virleien hunn, de Projet 4960, huet als Objet den Amendement vum Artikel 20, Paragraph 1 vun der CEDAW-Konventioun, deen den 22. Dezember 1995 vun der Generalversammlung vun der UNO ugeholl ginn ass, ze approuvéieren.

Dësen Amendement gesäit vir d'Versammlungsdauer vum CEDAW-Comité ze verlängeren. Am Moment versammelt sech dëst Organ eemol am Joer während zwou Wochen, wat am Verhältnis zu sengen Aufgabe vill ze vill kuerz ass. Zënter 1979 ass nämlech d'Zuel vun de Länner, déi d'Konventioun ënnerschriwwen a ratifizéiert hunn, stänneg an d'Luucht gaangen, esou datt de Comité sech mat ëmmer méi Rapporte beschäftege muss. Zwou Woche ginn net méi duer fir dass de Comité senger Aarbecht ka korrekt nogoen. Doriwwer eraus wäert sech de Comité an Zukunft och musse mat individuelle Kloe beschäftegen, respektiv Enquêten aleeden, wat erëm vill Zäit an Usproch huele wäert. Den Amendement gesäit vir datt Länner, déi der CEDAW-Konventioun bäigetruede sinn, d'Versammlungsdauer vun dem CEDAW-Comité festleeën, ënnert dem Virbehalt d'Generalversammlung vun der UNO gëtt hiren Accord.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kann een aus deem wat ech elo virgedroen hu schléissen, datt déi zwee virleiend Gesetzesprojete kleng awer wichteg Projete sinn, déi zur Gläichstellung vun de Frae wäerte bäidroen. Ech géif lech bieden am Numm vun der Kommissioun dës zwee Texter ze stëmmen, déi selbstverständlech den Accord vun eiser Fraktioun hunn.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Lydie Err.

***Discussion générale***

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt net nëmmen eng europäesch Mënscherechtskonventioun an eng Weltorganisatioun fir Mënscherechter, et gëtt och eng Weltkonventioun fir d'Mënscherechter vun de Fraen, an dat ass eben déi CEDAW-Kommissioun ëm déi et hei geet. Si ass 1993, mengen ech, hei ugeholl ginn an an där Konventioun war eppes wéi e Kontrollmechanismus, deen eis Ministesch ganz gutt kennt, well si am Januar dee leschten annuelle Rapport, deen all véier Joer soll gemaach ginn, presentéiert huet.

Dee Kontrollmechanismus soll eben duerch dëse Protocole facultatif verstäerkt ginn an deem Sënn, dass dee Comité vun der CEDAW-Konventioun soll verstäerkte Kompetenze kréien an dass och d'Leit aus deene Länner, déi Mitglied si vun där Konventioun, en individuellt Petitiounsrecht kréie sech bei där Kommissioun do ze bekloen, wann hir Mënscherechter als Fra par rapport zu der Egalitéit net respektéiert gi sinn. Dat ass e grousse Schrëtt.

Interessant ass et, dass déi Konventioun vun engem Droit de pétition individuel schwätzt, awer trotzdeem déiselwecht Konditioune virgesäit wéi bei engem Recours juridictionnel, well de Protokoll preziséiert dass deen Droit de pétition individuel eréischt da kann exercéiert ginn, wann d'Droits de recours internes alleguerten épuiséiert sinn, esou dass een am Fong zwëschent deem Droit de pétition an deem Droit juridictionnel do hésitéiert a kann, mengen ech, mat guddem Gewësse soen, dass hei am Fong sech eppes agefall gelooss ginn ass, wat sui generis ass, wat sech zwëschent engem Petitiounsrecht an engem Droit de recours juridictionnel situéiert. Doriwwer eraus, mengen ech, gëtt dës Konventioun gewësse Garantië wat d'Pouvoirë vun deem Comité do ubelaangt.

Déi Kommissioun, dee Comité huet d'Pouvoiren ze investigéieren, Äntwerten ze froen, an d'Regierung kann, mengen, ech wa se Erklärunge gefrot kritt, schlecht refuséieren déi Erklärungen ze ginn. Si kritt och een Délai gesat an deem se muss aktiv ginn, sou dass een dovunner kann ausgoen dass déi theoretesch Rechter aus der CEDAW-Konventioun duerch dëse Protokoll additionnell an der Praxis wäerte verstäerkt ginn.

Besonnesch ass dat de Fall well net nëmmen en individuellt Recht sech ze beschwéiere besteet, mä well och een Droit d'enquête fir de Comité besteet. An ech begréissen hei ausdrécklech dass och Lëtzebuerg déi Artikelen iwwert deen Droit d'enquête vun deem Comité do ugeholl huet. Dat heescht, ouni dass eng individuell Plainte ass, kann op Basis vu Beschwerden, déi aus der Press ervir ginn oder aus dem Rapport annuell - an d'Madame Minister weess sécher vu wat ech schwätzen - dee Comité do sech saiséieren, mat engem Mëssstand wat d'Egalitéit an engem Land ubelaangt, an eng Enquête maachen. Si kann esouguer, an dat ass sécherlech eng interessant Méiglechkeet, d'Leit op d'Plaz schécke fir op der Plaz eng Enquête ze maache fir festzestelle wat lass ass, an de Stat muss dann, wann en d'Konklusioune vum Comité matgedeelt kritt, an deene sechs Méint Stellung huelen a konkret Propositioune maache wéi e gedenkt déi Mëssstänn, déi festgestallt gi sinn, aus der Welt ze schafen. Dat, mengen ech, ass och en interessant Instrument wat ze begréissen ass.

Et misst ee just natierlech elo wësse wéi oft dass dat an der Praxis lo wäert gebraucht ginn. De Requérant, an ech mengen dat ass een Detail deen interessant ass, kann net nëmmen en Eenzelne sinn, mä et kann och e Grupp vu Particulierë sinn. Eng Associatioun, virausgesat dass wann et sech ëm en individuelle Fall handelt, dass den Accord vun deem Interesséierten, direkt Interesséierte ginn ass.

D'Kommunikatiounen oder d'Petitioune musse schréftlech eragerecht ginn a si däerfen net anonym sinn. Ech mengen dass och dat wichteg ass, net nëmme fir d'Plaignanten a fir de Comité, mä fir déi Regierungen déi hei wäerte betraff ginn.

Déi aner Saachen déi ech wollt soen, si vu menger Virriednerin hei gesot ginn.

Zum zweete Protokoll 4960 ass eigentlech näischt ze soen, ausser dass et evident ass, wann deen éischte Rapport ugeholl gëtt, dass méi Aarbecht op de Comité de Contrôle vun der CEDAW-Kommissioun zoukënnt an dass zwou Wochen am Joer net méi duergi fir ze siégéieren. Besonnesch dann och wann déi Enquêtë sollen déi Envergure kréien, déi ee sech heiansdo mol géif wënschen.

Et ass also evident dass déi zwee Projeten zesumme ginn an dass deen een ouni deen aneren net ka liewen. Mat deem zweeten och hu mer kee Problem. Ech wollt

schlussendlech ee Wuert soen zu de Konklusioune vun deem Comité. Zu deem lëtzebuerger Rapport annuel, deen am Januar presentéiert ginn ass. Ech géif et abwägeg fannen, wa mer déi zwou Konventiounen hei unhuelen an et net géife fäerdeg bréngen, bis deen nächste Rapport a véier Joer erëm soll presentéiert ginn, déi Recommandatioune wou déi meescht dovunner fir d'drëtt scho preziséiert ginn, nach ëmmer net erfëllt wieren. Ech wëll nëmmen eng oder zwou Remarquen hei opzielen, déi am Kader vun dëse Konklusioune gesot gi sinn.

Éischtens d'Ophiewe vun de Reserven. Wa mer wëssen dass déi heite Protokoller keng Reserven erlaben, ass et abwägeg dass mir deem heite Protokoll bäitrieden an eis Reserven zu der Basiskonventioun géifen oprecht erhalen. Och da wa mer wëssen, dass nëmmen eng vum Stat ofhänkt, déi aner exklusiv vun eiser Monarchie.

Deen zweete wichtege Punkt ass dee vum Artikel 11, an ech hoffen dass och dee Punkt et wäert méiglech sinn déi nächste Kéier gekläert ze hunn.

Dee leschte Punkt ass et, deen ech am Fong nach hei wollt kuerz sträifen. Dat ass dee vun de Visas d'artistea. Wa mer dee Protokoll hei ugeholl hunn a wann en dräi Méint, nodeem d'Ratifikatiounsinstrumenter déposéiert gi sinn, en vigueur ass, da mengen ech wiere mer ganz gutt berode spéitstens bis dohinner eppes um Niveau vun deem Visa, soit disant d'artiste geschafft ze hunn, well soss riskéiere mer no deene Remarquen, déi an de Konklusioune vum leschte Januar stoungen, als éischt Land hei eng Enquête ze kréien iwwert dee Mëssstand vum Visa fir d'Artisten. An dat, mengen ech, géif dee gudde Wëllen beweisen, dass mer hei déi Konventiounen, déi Protokoller akzeptéieren. Dat géif beweisen dass mer net kohärent mat eis selwer wieren an dat, sinn ech iwwerzeegt, Madame Minister, dat ka jo net Är Intentioun sinn.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Maggy Nagel agedroen.

Mme Maggy Nagel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeems d'Madame Nicklaus e gudden an detailléierte Rapport zu zwee relativ wichtegen awer komplizéierte Projeten hei presentéiert huet, wëll ech mech ganz kuerz faassen an den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

M. le Président.- Déi lescht Diskussiounsriednerin ass d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, et gëtt héich Zäit dass mer dës Projete stëmmen.

M. le Président.- Dann den Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Jo, Här President, well mir jo integral fir d'Mënscherechter antrieden, ass et selbstverständlech dass mer och fir d'Mënscherechter vun de Fraen antrieden. An ech mengen et ass jo och net dem ADR seng Schold, dass dës Konventioun vun 1995 eréischt haut gestëmmt gëtt.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Fraeministesch Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mech och wëllen de Mercien uschléissen an och soen, datt mer net méi vill no dem Rapport vun der Madame Nicklaus an deenen zousätzlechen Erklärunge vun der Madame Err iwwreg bleift ze soen. Ech si frou datt mer déi zwee Gesetzer elo gestëmmt kréien. Ech hätt dat natierlech léiwer virum 22. Januar gehat, dann hätte mer do zu New York e bëssen eng besser Figur gemaach. All deenen, déi d'Geleeënheet net hate fir do dobäi ze sinn, wëll ech soen, dat ass net esou e Spazéiergang deen een dohinner mécht, mä do gëtt ee während engem ganzen Dag vun den Expären aus deene verschiddene Länner op Nieren an Häerz gepréift.

***(Interruption)***

Also Madame Wagener, et ass net u mir gescheitert, dat wësst Dir och. Also ech hätt kee Problem domadder gehat, au contraire, mä dat wat net ass ka jo a véier Joer duerchaus sinn. Et ass ëmmer gutt wann een zu méi ass, fir dat och do kënnen ze soen.

Konkret Froen, Kriticken an och Virschléi gi gemaach an, wéi gesot, selbstverständlech ginn déi och de Länner iwwermëttelt a ginn och hei veröffentlecht, an dann huet och jiddereen d'Geleeënheet fir dat och erëm eng Kéier anzekloen an ze soe wat mer gemaach an net gemaach hunn. Ee vun deene grousse Misären deen effektiv ass, dat ass datt mer während Joren dohinner erziele ginn, dat doten dat maache mer elo, a kee Mënsch versteet datt mir sechs Joer Zäit brauche bis mer ee Gesetz gestëmmt hunn. Dat ass natierlech och fir verschidde Leit schwéier déi aus anere Länner kommen, déi net all Beruffschamberen dräimol bei all Avis an all Avis complémentaire froen. Do geet et natierlech e bësselche méi séier, wéi dat hei zu Lëtzebuerg de Fall ass.

Wéi gesot, ech si frou datt mer déi zwee Gesetzer hei haut wäerte gestëmmt kréien an domat och dozou bäidroen, datt och d'Fraen, déi hei waarden a fannen datt hir Rechter net alleguer respektéiert sinn, dann och selbstverständlech kënnen do akloe goen.

Merci villmools.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen iwwert déi zwee Projeten a stëmmen driwwer of. Fir d'éischt de Projet 4959.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen dann elo direkt iwwert dee Projet of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4959 ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par Mme Simone Beissel), Paul Helminger (par M. Théo Stendebach), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer un den nächste Projet, de Projet de loi 4960.

***Lecture du texte du projet de loi (par M.Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of iwwert de Projet 4960.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4960 ass eestëmmeg mat 58 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Paul Helminger (par M. Théo Stendebach), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jean-Pierre Koepp);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Domadder wiere mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Déi nächst Sëtzung ass haut de Mëtteg a fänkt um hallwer dräi un.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 12.28 heures)***

JEUDI, 20 MARS 2003

# 43E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**
**M. Nico Loes, Vice-Président**

## Ordre du jour

Débat de consultation sur le programme directeur d'aménagement du territoire

*(Discussion générale)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Michel Wolter et Charles Goerens, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.32 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

Op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg steet d'Consultatiounsdebatt iwwert de Richtlinneprogramm vun der Landesplanung. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn agedroen: déi Häre Schank, Bodry, Calmes, Jaerling, Gira, Sunnen, Fayot a Mehlen. D'Wuert huet elo fir d'éischt den Här Innenminister Michel Wolter.

Débat de consultation sur le programme directeur d'aménagement du territoire

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären...

***(Interruption)***

Jo, Dir Dammen an Dir Häre kann ech soen.

Déi Debatt, déi mer haut an der Chamber féieren, ass eng vun deene leschten awer wesentlechen Etappen an enger jore-, jo vläicht jorzéngtelaanger Prozedur, déi zum Zil hat d'Landesplanung hei zu Lëtzebuerg op déi national a gemengepolitesch Kaart ze kréien. Villes ass geschitt säit dem Ufank vun de 70er Jore mat der Ausaarbechtung vun engem éischte Gesetz 1974 an engem éischte Programme directeur vun 1978 an haut.

A mengen Aen ass d'Gesetz vum 21. Mee 1999 iwwert d'Landesplanung eent vun deene modernsten aus Europa. Dëst Gesetz gëtt eis all d'Instrumenter déi mer benéidege fir eng zukunftsorientéiert, op de Prinzip vun der Nohaltegkeet opbauend raumplaneresch Entwécklung vum Land ze garantéieren. Dëst Gesetz gouf geschaf fir d'Entwécklung op kommunalem, regionalem an nationalem Plang ze koordinéieren. Et ass e kooperatiivt Gesetz, wat als Zil huet eng Dynamik ze schafen an der Zesummenaarbecht tëschent Stat a Gemengen, awer och ënnert de Gemenge selwer.

D'Ausschaffen an d'Ëmsetzung vu Regionalpläng gëtt de Gemengen d'Méiglechkeet zesumme mam Stat eng nohalteg Entwécklung vun hirer Regioun ze definéieren an ëmzesetzen. Déi sektoriell Pläng erlaben et de Ministèren hir Orientatiounen an der Philosophie vum Programme directeur ëmzesetzen. D'Plans d'occupation du sol schlussendlech erlaben et eis d'Parzelleschafung vu verschidde Raim enger preziser Notzung zouzeféieren.

D'Haaptinstrument vun der Landesplanung, d'Referenz ronderëm déi se sech opbaut a vun där se sech ofleet, ass awer de Programme directeur d'aménagement du territoire. D'Landesplanungsgesetz gesäit vir, dass de Programme directeur d'Synthèse vun de sektorielle Programmer duerstellt an dës op der Grondlag vum Gesetz sengen Objektive koordinéiert, Regioune, sougenannte Régions d'aménagement, an Entwécklungs- an Attraktiounszentren, an der Ofkierzung CDA, proposéiert an d'Démarchen an d'Décisioune vun der Regierung an de lokalen Autoritéiten orientéiert.

Wéi gesäit, Dir Dammen an Dir Hären, d'Prozedur vun der Ausschaffung vum Programme directeur aus? De Programme directeur gëtt vum Minister am Numm vun der Regierung zesumme mam Comité interministériel de l'aménagement du territoire ausgeschafft. Duerno geet e pour avis fir d'éischt an d'Gemengen an duerno an de Conseil supérieur de l'aménagement du territoire. Dës Prozedur huet, vläicht well et déi éischte Kéier war, leider insgesamt méi wéi dräi Joer an Usproch geholl.

Den zoustännege Minister mécht dann, an dat ass dat wat mer haut maachen, eng Deklaratioun virun der Chamber. No dëser Presentatioun gesäit d'Prozedur dann als lescht Etapp déi definitiv Approbatioun vum Programme directeur duerch de Conseil de Gouvernement vir. Schlussendlech gëtt e sous forme appropriée am Mémorial publizéiert. Vun do un, an dat wäert geschwë sinn, orientéiert hien da formell d'Démarchen an d'Décisioune vun der Regierung a vun de lokalen Autoritéiten.

Aus der Consultatiounsprozedur si bis elo dräi Typë vu Modifikatiounen an de Programme directeur agefloss: d'Verbesserung an d'Harmoniséierung vun der Ausdrocksweis, d'Aktualiséierung vu verschiddene Basisdonnéeën an d'Ergänzung vum Projet aus der Erfahrung vun deene leschten dräi Joer. Dobäi ass de Remarken, déi vun de Gemengen an den zoustännege Gremie gemaach gi sinn, Rechnung gedroe ginn, souwäit wéi si den Orientéierungen an den Ziler vum Programme directeur net widdersprach hunn an och souwäit se mat sengem compatibel waren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Programme directeur, deen elo virläit, ass als Projet vun der viregter Regierung op den Instanzewee geschéckt ginn. E gesäit eng ganz Rei fundamental politesch Neiorientéierunge vir, wat

déi laangfristeg landesplaneresch Entwécklung vun eisem Land betrëfft. Am besonneschen ass de Programme directeur der nohalteger Entwécklung als grondleeënd Orientatioun verpflicht.

Duerfir ass et wichteg ze ënnersträichen, dass an de Koalitiounsverhandlunge vum Summer 1999 festgehale ginn ass, dass och déi nei Regierung ouni Ofstréch déi politesch Ziler vum urspréngleche Projet bäibehalen huet. Säit 1999 schafft d'Regierung, wann och op fräiwëlleger Basis, konsequent op der Grondlag vum virleiende Projet. D'Ausschaffe vu regionale Pläng am Süden an am Norden, vu sektorielle Pläng fir Lycéeën, vu mobilen Telekommunikatiounsréseauen, vun Transport a Logement, vum POS Findel, vun der Reconversioun vun den Industriebroochen, dem IVL, fir nëmmen dës Beispiller ze nennen, droen den Objektiver vum neie Programme directeur elo schonns Rechnung.

D'Gesetz vun 1999 gesäit vir, dass den zoustännege Minister am Numm vun der Regierung am Prinzip all Joer der Chamber e Rapport iwwert d'Situatioun vun der Landesplanung maache soll. Dëst ass bis elo awer net geschitt. Et wär och wéineg sënnvoll gewiescht, esou laang net iwwert déi wesentlech Orientatioune vum Programme directeur hätt kënne mat diskutéiert a se och ofgeschloss hätte kënne ginn. Duerfir wëll ech vun der Geleeënheet vun haut profitéieren, fir elo den éischte Rapport ze maachen.

Aus der Kombinatioun vun deenen zwee Exercicer ergëtt sech, datt sech mäin Exposé an dräi Kapitele wäert andeelen. Fir unzefänke wëll ech eng Rei Iwwerleeungen iwwert d'Relatioun tëschent der Landesplanung an der Gemengeplanung an iwwert d'Portée vum Programme directeur maachen. Zweetens wëll ech déi politesch Ziler vun der Landesplanung ëmräisse wéi se am Programme directeur duergestallt ginn an als drëtte Punkt wëll ech déi kuerzfristeg Prioritéiten, d'Ëmsetzung vun deem Programm, wéi mer se amgaange sinn ze maachen, erläuteren. Well meng Riedezäit begrenzt ass, kann ech leider net op eng Rei wichteg Aspekter wéi déi europäesch a grenziwwerschreidend Dimensioun vun der Landesplanung oder d'Plans d'occupation du sol agoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat ass elo d'Envergure vum Programme directeur? D'Auteure vum 99er Gesetz hunn dem Programme directeur net de Charakter vun engem Règlement grand-ducal ginn. Dëst ass bewosst esou gemaach ginn, well an deem Fall misst ee vun engem Plan directeur national schwätzen, deen zimlech prezis géif virgesi wéi d'Buedemnotzung am ganze Land géif ausgesinn an deen e ganz rigidë Charakter hätt. Fir et ze erméigleche Programméierungs- a Planungsinstrumenter op verschiddenen operationellen Niveauen ze definéieren a gläichzäiteg op all Niveau eng ausräichend Flexibilitéit ze garantéieren, ass folgend Strukturéierung zréckbehale ginn.

De Programme directeur ass d'Plaque tournante vun der Landesplanung. Hien huet zwar keen obligatoresche Charakter, mä d'Gesetz gesäit vir dass en, soubal en arrêtéiert ass, formell d'Démarche an d'Décisioune vun der Regierung a vun de lokalen Autoritéiten orientéiert. D'Zil vum Législateur war et dem Programme directeur am Verglach zum ale Landesplanungsgesetz vun 1974 méi Gewiicht ze ginn. Ausserdeem sollt doduerch d'Notioun vun enger mëttelfristeger a laangfristeger Planung eng nei Qualitéit kréien.

Ëmgesat gëtt en duerch dräi Typë vun Instrumenter: regional Pläng, sektoriell Pläng a Plans d'occupation du sol. Dës Typë vu Pläng hunn de Charakter vun engem Règlement grand-ducal an domat bindende Charakter. De PAG vun der Gemeng ass dësen Instrumenter ënnergëuerdnet. D'PAGen hunn de Charakter vun engem Gemengereglement. Den Aménagement communal ass deemno ze betruechten als ee Bestanddeel vun der Landesplanung vun där en d'Ziler exécutéiert an applizéiert.

Wann am Geescht vun de Pappe vum 37er Gesetz d'Notioun vum Aménagement communal sech op de Bau oder d'Erneierung vu Gemengestroossen an de Quartiere vun den Uertschafte limitéiert huet, dat war deemools Urbanismus am Sënn vum Wuert, esou huet den Aménagement communal haut eng ganz aner Envergure, well en de ganze Gemengenterritoire ëmfaasst an domat am Fong Aménagement du territoire communal misst heeschen.

De Projet de loi iwwert d'Reform vum Gesetz vun 1937 dréit dann och konsequenterweis dëser Evolutioun Rechnung, wann en a sengem éischten Artikel seet, dass den Aménagement communal, an ech wëll zitéieren: «reprend et précise les orientations du programme directeur établi en exécution de la loi du 21 mai 1999». D'Eenzelinteresse vun den 118 Gemenge sinn awer net ëmmer deckungsgläich mam Intérêt général vum Stat an och net deckungsgläich mam Intérêt ënnert sech selwer.

Am Landesplanungsgesetz vum 21. Mee 1999 kritt duerfir den zoustännege Minister vun der Landesplanung eng koordinéierend Missioun vum nationalen, regionalen a kommunalen Niveau. Et ass deemno um Innenminister, a senger Fonctioun als Zoustännege fir d'Landesplanung, fir fir eng Kohesioun tëschent dem Aménagement communal an den 118 Gemengen ze suergen, an dat am Intérêt vum Stat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer an enger zweeter Partie nach eng Kéier op déi wesentlech Orientatioune vum Programme directeur anzegoen. De Programme directeur bezitt sech op dräi grouss Handlungsfelder: städtesch a ländlech Entwécklung, Transport an Telekommunikatiounen, Ëmwelt an natierlech Ressourcen. Déi prioritär Ziler vum Handlungsfeld „städtesch a ländlech Entwécklung" bezéie sech op d'Planungsregiounen an op d'CDAen, wéi se dem Gesetz no am Programme directeur definéiert goufen.

Stéchwierder sinn hei: Dezentralisatioun, Dekonzentratioun a Polizentralitéit. De Programme directeur gesäit d'Schafe vu sechs Planungsregioune vir an deene jeeweils een oder méi Centres de développement et d'attraction virgesi sinn. Déi interkommunal Kooperatioun an deene sechs Regiounen iwwert de Wee vun der Regionalplanung muss als eng vun de fundamentale Strategië vun der Landesplanung betruecht ginn. D'Regierung ënnerstëtzt dës Initiativen op verschidden Niveauen: Virbereedung a Begleedung vun der Regionalplanung, d'Koordinatioun mat anere sektorielle Planungen, wéi och finanziell Hëllefen.

Mir brauchen och op nationalem Niveau eng Verstäerkung vun der urbaner Dekonzentratioun a Richtung vun enger Polizentralitéit, déi op dem Partenariat tëschent deenen eenzelnen urbanen Zentre mat de Gemenge ronderëm berout. Nëmmen duerch eng besser Koordinatioun an eng besser Kooperatioun kënnen déi aktuell an zukünfteg Erausfuerderungen ugepaakt ginn. Esou kann eng Win-Win-Situatioun entstoen, wou souwuel d'Gemenge wéi och déi eenzel Regiounen dovu profitéieren. Haaptzil dobäi ass et dem Ongläichgewicht, dat mer haut kennen, entgéint ze wierken an den Drock, deen op d'Agglomeratioun ronderëm d'Stad Lëtzebuerg laascht, ze reduzéieren.

Iwwert déi Politik vun der Dezentraliséierung eraus muss de System vun den CDAen an engem regionalen an nationale Kontext valoriséiert ginn. Dëst setzt eng équilibréiert an integréiert Stad- a Regionalentwécklung viraus. Déi prioritär Dossiere sinn hei: d'Regeneratioun vum Bassin minier, d'Restructuratioun vun der Agglomeratioun ëm d'Stad Lëtzebuerg an d'Entwécklung vun der Nordstad als städtesche Zentrum am ländleche Raum.

***(Interruption)***

Iechternach feelt do.

***(Interruption)***

D'Landesplanung ass e wichtege Pilier fir d'Entwécklung vum ländleche Raum andeems d'Qualitéiten an déi eege Potenzialer valoriséiert respektiv stabiliséiert ginn. Heifir muss d'Multifonctionnalitéit vun der Landwirtschaft gefördert, d'wirtschaftlech Entwécklung vun de PMEen an de regionalen Zentre gestäerkt an den doucen Tourismus als Chance fir de ländleche Raum weider gefördert ginn.

D'Integratioun vun dësen Aspekter an der Approche vun enger regionaler Entwécklung soll dozou bäidroen, dass et zu enger reeller Entwécklung vum ländleche Raum kënnt. Hei spillen d'Naturparken eng ganz grouss Roll. Duerch eng net approprièiert urban Struktur entstinn eng Rei ökologesch, ökonomesch a sozial Konflikter, déi ee muss mat adequate Mécanismen a Prozeduren an de Grëff kréien.

Duerch d'Applicatioun vum Prinzip vun der Funktiounsmëschung an duerch d'Verdichtung vun der Siedlungsstruktur an de Stied, vun de kuerze Weeër dierft d'Qualitéit vun der Gestioun vun eisem Territoire substanziell gesteigert ginn. Weiderhin ass et och ganz wichteg fir d'Erweiderung vun den Agglomeratiounen am Zentrum an am Süde vum Land ze bremsen. Hei kënne Zones vertes tëschent den Agglomeratiounen e wäertvolle Beitrag leeschte fir d'Stadentwécklung besser ze strukturéieren a Gréngzonen als wichtege sozialen Erhuelungsfacteur an ökologesche Facteur ze erhalen.

Am Kontext vum demographeschen Zouwuess, deene ville verschiddene Liewensstiler an der Diversifikatioun vun den Nationalitéite muss der Fro vun der sozialer Integratioun eng virrangeg Roll zoukommen. Dëst géllt och am Kader vun der Landesplanung. Dës Integratioun ass net nëmme mat prezisen Indicateure méiglech, déi d'Situatioun beschreiwen. D'Stied an d'Dierfer als Lieux de rencontre mussen zwëschemënschlech Relatiounen erméiglechen an all Bierger déiselwecht Chancen a Geleeënheete bidden.

D'Landesplanung muss hei hire Beitrag leeschten andeem méi Wunnforme gefördert ginn. Si muss hëllefen déi sozial Mixitéit ze erreechen, déi néideg ass fir der sozialer Segregatioun entgéint ze wierken. Dës Approche implizéiert ënner anerem och eng Verdichtung vun eiser urbaner Struktur. Am Sënn vun der nohalteger Entwécklung gëtt ënner anerem verlaangt eng méi gerecht Befriddegung vun de Grondbedürfnisser ze erreechen, d'Notzung vun de Ressourcen: Educatioun, Gesondheetsariichtung, Aarbecht, Wunnraum a Wuelstand.

D'Landesplanung huet zu dëser Approche déi territorial Dimensioun bäizedroen a fuerdert deemno, datt d'Bierger vun deenen eenzelne Regiounen equivalent Liewenskonditioune sollen hunn. Heibäi sollen déi kulturell a sozial Aspekter vun der Landesplanung mat integréiert ginn, fir dass d'Bierger sech méi staark mat hiren Uertschaften an hirer Regioun identifizéiere kënnen. Dëst erfuerdert eng méi oppen a verstäerkte Participatioun vun de Bierger um Planungsprozess.



Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Volet Transport an Telekommunikatioun ass enk verbonne mat deem vun der städtescher a ländlecher Entwécklung, wann ee bedenkt wat fir en Impakt d'Mobilitéit op déi territorial Organisatioun huet a vice versa. Am Zentrum vun all nohalteger Transportpolitik läit dat ambitiöst Zil den Transportvolume ze reduzéieren. Dës Approche gëtt an der Landesplanung konkretiséiert duerch d'Schafe vun enger polizentrescher a multifunktioneller urbaner Struktur, an dat op nationalem, regionalem a lokalem Niveau.

Esou ginn an Zukunft och d'Standorte vun den neie groussen Infrastrukturen, en éischt Beispill sinn d'Lycéeën, esou gewielt, dass ënner anerem och den Transportvolume méiglechst reduzéiert gëtt. Doriwwer eraus geet et drëm fir Rahmebedingungen ze schafen, fir datt sech eng nei Approche an der Verkéierspolitik kann duerchsetzen.

Op de Verkéierszouwuess ass bis elo nach ëmmer mat engem Ausbau vu Verkéiersréseaue geäntwert ginn. D'Planung vun de Verkéiersnetzer soll an Zukunft méi an eng territorial Approche integréiert ginn. Am Kader vum IVL si mer amgaangen dës Approche unzewenden. Hei soll d'Effikassitéit vum bestehende Réseau verbessert ginn ier nei Verkéiersweeër gebaut ginn.

Den zweete Pilier vun enger nohalteger Transport- a Landesplanungspolitik läit am Transfert vum Transportopkommen an Transportmëttel, déi dem mënschlechen an natierlechen Ëmfeld gerecht ginn.

Et ass evident dass den öffentlechen Transport net dat ganzt Persounentransportopkomme géréiere kann. Am Kontext vun enger nohalteger Entwécklung muss awer déi aktuell Transportpolitik esou gestalt gi fir an Zukunft den öffentlechen Transport esou vill wéi méiglech ze promouvéieren, virun allem do wou et elo scho gutt méiglech ass a kuerzen Taktfrequenze fir a mëttlerer Zukunft e Modal split vu 25% ze erreechen, wat e ganz ambitiéist Zil ass a wou vill Leit mussen dozou bäidroe fir et kënnen ze erreechen, net nëmmen d'Politiker.

Vum Point de vue vun der Landesplanung aus gesinn ass et wichteg dass de Réseau vum öffentlechen Transport esou organiséiert ass, dass d'Entwécklung vun den CDAen ënnerstëtzt gëtt andeem eng adequat Accessibilitéit garantéiert gëtt. Am selwechte Kontext ass et wichteg de bestehenden Eisebunnsréseau ze valoriséieren. D'Eisebunnsnetz muss een als Réckgrat vum öffentlechen Transport gesinn. „Mobilitéit.lu" gesäit duerfir vir, dass wichteg Achse verstäerkt oder reorganiséiert ginn. Weiderhin ass et virgesi fir d'Bunn bei déi grouss Entwécklungszonen ze bréngen, wéi zum Beispill dem Kierchbierg a Belval.

Net all Plaze sinn a wäerten an Zukunft mam Zuch ze erreeche sinn. Dofir géllt och dem Bus, als kollektiivt Verkéiersmëttel, e besonnescht Amierk. Seng Attraktivitéit hänkt awer dovun of a wéi engem Mooss mer bereet sinn him eng gewësse Prioritéit par rapport zum Individualverkéier ze ginn.

Deen drëtte Pilier vun der Transportpolitik beschäftegt sech mam soziale Volet vun dësem Domän, andeem hien eng Verbesserung vun der Erreechbarkeet vun allen Uertschaften dans la mesure du possible uviséiert. Dëst verlaangt eng regional Approche fir en somme vum ganzen Territoire e performanten öffentlechen Transport ubidden ze kënnen. An all Regioun musse Léisunge fonnt ginn déi ofhängeg si vun de Spezifissitéite vun deenen eenzelne Regiounen. Hei muss och eng Standortpolitik entwéckelt ginn, déi d'Erreechbarkeet mam öffentlechen Transport mat considéréiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi natierlech Ëmwelt ass den territoriale Kader fir vill wirtschaftlech Aktivitéiten a gëtt staark beaflosst vun der gesellschaftlecher Entwécklung. All Naturraum huet seng spezifesch Kapassitéit an e bestëmmt Potenzial, dat genotzt gi kann. Engersäits ass dëst Potenzial begrenzt, mä anerersäits sinn d'Besoinen dëst Potenzial ze notze gestiegen. Et muss een also am Respekt vun den nächste Generatioune garantéiere kënnen, dass déi natierlech Ressourcen erhale bleiwen, respektiv sech regeneréiere kënnen.

D'Erwaardungen an d'Fuerderunge vun der Gesellschaft géigeniwwer der Landschaft hu sech am Laf vun deene leschte Joren a Jorzéngte geännert. Si si méi vielfälteg, sophistiquéiert awer oft och kontradiktoresch ginn. D'Naturraim si multifunktionell ginn a si mussen als solch vun der Landesplanung betruecht ginn. De Bäitrag vun der Landesplanung zum Erhale vun den ökologesche Kapassitéiten an den Naturraim besteet ënner anerem am Schützen an am Revitaliséiere vum hydrologesche System a Relatioun mat der Protectioun vun den Iwwerschwemmungszonen am Erhale vun der Buedemqualitéit, an dat duerch d'Instrument vun de Plans d'aménagement.

Weiderhi kann d'Landesplanung als ënnerstëtzend Strategie fir d'Erhale vun der Biodiversitéit an der Koordinatioun tëschent den ökologeschen, ökonomeschen a soziale Fonctioune vun der Landschaft agesat ginn. D'Erhale vun der Landschaft ass net méiglech, wann een nëmmen op Schutz- a Revitaliséierungsmoossnamen zréckgräift. En nohaltege Schutz vun de Ressourcë baséiert op pluridisziplinärer Kooperatioun a Sensibiliséierung.

D'regional Entwécklung, wéi se vun der Landesplanung a vun den Naturparke préconiséiert gëtt, dréit dozou bäi dass dës nei Usprécher an d'Praxis ëmgesat ginn. Si bidden eng Plate-forme un, déi et den eenzelnen Acteure kann erméigleche sech an déi regional Economie ze integréieren an och aner Acteuren a Konsumenten ze sensibiliséieren.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Den drëtte Pilier an dësem Beräich besteet a der Integratioun vun de Secteure mat héijem ekologesche Wäert an engem funktionelle Réseau, deen op nationalem Niveau développéiert an op regionalem Niveau preziséiert gëtt, fir dann op lokalem Niveau a Form vu Biotopvernetzungen ëmgesat ze ginn.

D'Iwwersetzung vu dëser Approche an Termë vu der Landesplanung besteet doranner, déi grouss Flächen ze schützen, wéi zum Beispill Zones vertes interurbaines, a fir d'Verbindung tëschent Landschaftsdeeler ze schafen, déi sech duerch eng ekologesch Complexitéit auszeechnen. Heibäi soll sech de Grad vun der Notzung graduell tëschent deenen eenzelne Landschaftsdeeler upassen.

Här President, Dir Dammen a Dir Hären, de Kapitel 3 vum Programme directeur definiéiert d'Prioritéiten, wéi dëse Wonschkatalog, wéi dës Mesurë fir d'Zukunft solle weider verfollegt ginn. De prioritäre Charakter vu dëse Moossnamen ass esouwuel däitlech ginn am Diskussiounsprozess, deen d'Ausaarbechtung vum Projet vum Programme directeur begleet huet, wéi och am Consultatiounsprozess, deen uschléissend op Basis vum Projet gemaach ginn ass.

Ech hunn am Ufank gesot, dass ech wéilt d'Deklaratioun iwwert de Programme directeur a senge Richtlinne mat engem Rapport iwwer eis Aktivitéiten aus de leschten dräi an en halleft Joer kombinéieren. Ech géif also elo gär d'Geleeënheet notze fir op déi fënnef wichtegst Dossieren anzegoen, déi a mengen Aen d'Ziler vun der Landesplanung an d'Realitéit ëmsetze

sollen. Op méi weiderféirend Ziler muss ech aus Zäitgrënn op de schréftleche Rapport verweisen. Et sinn dëst den IVL, de Plan directeur sectoriel, d'Plans directeurs régionaux, d'Revitaliséierung vun den Industriebroochen, de Monitoring an de Suivi.

D'Erausfuerderungen an d'Entwécklungen zu Lëtzebuerg zënter enger Rei vu Jore bréngen et mat sech a sinn esou grouss, dass mir haut en neit Planungsinstrument brauche fir eng optimal Koordinatioun an Integratioun tëschent deene Secteuren ze erreechen, déi d'Raumentwécklung an d'Buedemnotzung am stäerkste beaflossen, dat heescht d'Siedlungsentwécklung, de Verkéier an d'Ëmwelt. Esou en Instrument muss gläichzäiteg capabel si fir d'Erschafe vu Plans sectoriels méi prezis ze orientéiere wéi de Programme directeur, gläichzäiteg sécherzestellen dass d'Articulatioun tëschent de Plans sectoriels an dem Programme directeur stëmmt an dass d'Plans sectoriels optimal géigesäiteg integréiert ginn.

Dat Instrument vun deem ech elo schwätzen ass den IVL, dat interaktiivt Verkéiers- a Landesentwécklungskonzept. Déi innovativ Démarche vum IVL baséiert op der Feststellung, dass Verkéiersinfrastrukturen och als strukturéirend Elementer vun der Raumentwécklung musse betruecht ginn, an net nëmmen als Konsequenz vun dëser Entwécklung. Déi grondleeënd Fro, op déi den IVL eng Äntwert soll sichen, ass op Basis vum Programme directeur definéiert ginn an heescht: Wéi kann een en vue vum Joer 2020 Raumentwécklung, Entwécklung vun de Pendler a Verkéiersinfrastrukturen optimal kombinéieren an integréieren, esou dass Verkéier ka vermidden an den Undeel vum öffentlechen Transport verduebelt ginn, eng raimlech Struktur geschafe gëtt, déi Verkéier vermeid an den öffentlechen Transport ënnerstëtzt, d'Organisatioun vum Transport conforme ass mat enger nohalteger Raumplanung, de Verbrauch vun Terrain limitéiert ka ginn?

Den IVL ass deemno en Aarbechtsinstrument dat erméiglecht d'Ziler vum Programme directeur iwwer Raum a Verkéiersentwécklungsszénarien ze konkretiséieren, déi grondleeënd Plans sectoriels ze cadréieren an ze integréieren, d'Orientatioune fir d'Ausaarbechtung vun de Regionalpläng ze preziséieren an d'Ëmsetzung vum System der Zentralen och virzebereeden.

Um IVL sinn eng ganz Rei vu Ministèren a Verwaltunge bedeelegt: Den Transport, d'öffentlech Bauten, d'Wirtschaft, de Wunnengsbau, d'Ëmwelt, de Stroossebau, den Intérieur an d'Landesplanung. Begleedend dozou hu mer och d'Gemengen iwwert de SYVICOL an de Processus agebonnen. Éischt Konklusioune vum IVL, dee säit Ufank 2002 ausgeschafft gëtt, sollen am Hierscht dëst Joer virleien.

D'Plans sectoriels. Den initiale Projet vum Programme directeur vun 1999 hat véier prioritär Plans sectoriels definéiert: D'Lycéeën, den Transport, de Logement an d'Paysages à protéger. Si sinn am Regierungsaccord vun 1999 all iwwerholl ginn. Den aktualiséierte Projet vum Programme directeur huet dës Lëscht op Basis vun Demanden aus aneren Departementer complétéiert. Esou sinn dräi zousätzlech Pläng derbäi komm, an zwar deen iwwer Seveso-Betriber, deen iwwer GSM-Antennen an deen iwwer Bauschuttdeponien.

De Programme directeur ënnerscheet tëschent de Plans sectoriels primaires, dat heescht déi déi am Zesummenhang mam IVL realiséiert ginn, an de Plans sectoriels secondaires, dat heescht déi déi sech mat spezifeschen Infrastrukture beschäftegen.

Wat de Kalenner vun der éischter Kategorie ugeet, esou kann ee soen, d'Regierung huet den 22. Mäerz 2002 formell décidéiert fir de Plan sectoriel Transport a Relatioun mam IVL auszeschaffen. Den Transportminister huet rezent an der Chamber annoncéiert, dass dëse Plan sectoriel am Dezember dëst Joer soll fäerdeg sinn, dass déi offiziell Ausaarbechtung vum Plan sectoriel logement no der Prozedur vum 99er Gesetz nach net leeft, mä dass um Niveau vum Logementsministère d'Viraarbechten amgaange sinn. De Logementsminister huet viru kuerzem annoncéiert, dass de Projet am Hierscht dëst Joer géif virleien.

Wichteg dobäi sinn och d'Orientatiounen, déi aus der Debatt zu dësem Sujet hei an der Chamber gezu ginn. D'Regierung huet den 20. Dezember vum leschte Joer de Projet de règlement grand-ducal fir d'Asetze vun engem interministeriellen Aarbechtsgrupp fir d'Erschafe vum Plan sectoriel Préservation des grands ensembles paysagers et forestiers ugeholl.

Wat d'Plans sectoriels secondaires ubelaangt bleift ze soen, dass de Plan sectoriel lycées an deenen nächsten Deeg an d'Prozedur wäert goen. No iwwer zwee Joer intensiver Kooperatioun tëschent ville Ministèrë war a mengen Aen dëse Plan sectoriel esou ze soen den Testfall, deen huet misse beweisen, dass dës nei Form vun Zesummenaarbecht ëmzesetze wier. D'Erfahrunge ware séier positiv, wat sech staark op aner Dossieren a leschter Zäit iwwerdroen huet. D'öffentlech Presentatioun vum Plan sectoriel lycées, dee mer viru kuerzem hei an der Chamber an der Kommissioun gemaach hunn, wäert dann den 2. Abrëll stattfannen.

D'Regierung huet de Plan stations de base pour réseaux de télécommunication mobile de 14. Februar vun dësem Joer approuvéiert an domadder décidéiert fir d'Prozedur vum 99er Gesetz ze lancéieren. Dëse Projet ass de leschte Méindeg presentéiert ginn.

Den 20. Dezember 2002 ass en interministeriellen Aarbechtsgrupp fir d'Erschafe vum Plan sectoriel iwwer Seveso-Betriber agesat ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng impressionant Virbereedungsaarbecht ass geleescht gi fir de Regionalplang Süden ze preparéieren. Et kann een an deem Kontext d'regional Konferenz vun 1999 an déi entspriechend Aarbechtsdokumenter ernimmen. An dësem Kader sinn d'Gemengen opgefuerdert ginn, fir d'Initiativ am Dossier ze iwwerhuelen. Säitdeem hunn d'Gemengen an Zesummenaarbecht mam Ministère d'Kollekt vu Basisdonnéeën a spezifeschen Analyse viru gedriwwen. D'Gemengen hunn och d'Statute fir de regionale Syndikat Pro-Sud ausgeschafft, deen d'Promotioun an d'Entwécklung vun der Südregioun als Missioun huet. Et verhënnert also elo näischt méi, dass de Regionalplang 2003 ënnert de Gemenge konkretiséiert gëtt.

Den Dossier vun de Frichen, op deen ech elo gläich wäert agoen, gëtt vun der Regierung als Motor fir d'Entwécklung vun der Südregioun betruecht.

Eng zweet Initiativ hu mer an der Regioun Norde lancéiert, wou de Ministère de l'Intérieur eng Rei vu Gespréicher mat de lokale Responsabele gefouert huet fir d'Virbereedung vum Regionalplang Norden mat spezifesche Projete vun enger fräiwëlleger Fusioun vu Gemengen ze koordinéieren. Dës Démarche ass innovativ, well se probéiert d'Uleies vun der Regionalentwécklung mat der Modernisatioun vun de Gemengestrukturen ze combinéieren. Eng Analys vun de Stäerkten an de Schwächte vun der Regioun ass amgaange fäerdeg gestallt ze ginn no Consultatioun mat de concernéierte Gemengen. Dës Analys gëtt deemnächst och mat de lokale Gewielten diskutéiert, eng entspriechend Veranstaltung ass fir de 25. Mäerz geplangt.

An der Regioun Centre-Sud sinn d'Virbereedungsaarbechte fir e Regionalplang gestart ginn. De Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg huet an enger Réuniouun mam Innenminister deklaréiert, dass d'Stad déi Problemer, déi duerch deen ëmmer méi klammenden Entwécklungsdrock op d'Stad entstinn, am Kader vun engem Regionalplang wéilt ugoen.

Eng éischt Konferenz mat de betraffene Gemengen huet den 2. Oktober 2002 stattfonnt. Och an dëser Regioun ass eng Analys vun de Stäerkten an de Schwächten an Optrag, esou dass eng ähnlech Prozedur wéi am Süden an am Norde geschwë kann ulafen.

Et däerf een allerdings net verheemlechen, an den Zwëscheruff vum Här Fayot dee verdäitlecht dat, dass besonnesch de Volet vun der regionaler Zesummenaarbecht een ass un deem mer an deenen nächste Joren nach ganz vill wäerten ze schaffe kréien. Mir mierken u ganz ënnerschiddleche Reaktiounen, déi mir an deenen eenzelne Gemenge kréien, dass et ganz grouss Ënnerscheeder gëtt beim Wëlle fir iwwert de reng lokale Kader eraus sech an eng regional Approche eran ze beweegen. Ech maache mer an deem Sënn dann och keng ze vill grouss Illusiounen, dass mer an deem doten Domän ze vill schnell géife viru kommen, a stelle mech éischter op e laangwierege Prozess an.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Valoriséierung vun den Industriebroochen am Minett ass sonner Zweifel eng vun de gréissten Erausfuerderunge vun der Landesplanungspolitik. Et ass effektiv éischter rar dass Fläche vun där Envergure, 600 Hektar kuerzfristeg a wahrscheinlech dat Duebelt längerfristeg, fir eng integréiert Reconversioun zur Verfügung stinn. Well d'Regierung sech dëst bewosst ass, huet se Enn 1999 op Initiativ vum Innenminister décidéiert aus der Entwécklung vun de Frichen eng Prioritéit ze maachen, an dëst am Kader vum Regionalplang Süden. Zënter 1999 ass dës Démarche strukturéiert a konkretiséiert ginn. No Dosende vu Sëtzungen tëschent alle Concernéierte konnt e Gesamtkonzept fäerdeg gestallt ginn. Strukture si geschafe gi fir dës Reconversioun ze begleeden. De Stat participéiert an der Entwécklungsgesellschaft AGORA, déi d'Ëmstrukturéierung vun de Broochen als Optrag huet. Doriwwer eraus ass de Fonds Belval geschafe ginn, deen den Optrag huet op Belval d'Cité des sciences, de la recherche et de l'innovation, e Projet vun der Regierung, ze realiséieren.

De 6. Mäerz vun dësem Joer huet d'Regierung e Rapport ugeholl op deem senger Grondlag de Realisatiounskalenner an de Finanzement vu verschiddene Moossnamen definéiert ginn. Heibäi geet et ëm d'Statséquipementer déi vum Fonds Belval realiséiert ginn, ëm d'Modalitéiten no deenen Terrainen, déi hei fir noutwenneg sinn, zur Verfügung gestallt ginn, a schlussendlech och ëm d'Transportinfrastrukturen, déi musse geschafe ginn. D'Detailer dovun hu mer gëschter presentéiert an och an der Chamber an deenen zoustännege Kommissiounen.

Eng kohärent Reconversiounspolitik ëmfaasst awer all d'Frichen déi disponibel si mat hiren eventuelle Verlängerungen iwwert d'Grenzen eraus. Si berücksichtegt all denkbar Notzungen an implizéiert esou Wirtschaftsaktivitéiten, öffentlech a privat Servicer, Wunnengsbau, Fräizäit, Kultur an d'Erhale vun der Ëmwelt.

Eng kohärent Reconversiounspolitik garantéiert d'Bedeelegung vun alle concernéierte Partner, Stat, Gemengen, Propriétairen, un hirer Ëmsetzung a soll och genotzt gi fir d'Dezentraliséierungspolitik, eng weider Prioritéit vun der Regierung, ëmzesetzen. Schlussendlech entwéckelt se op Basis vun engem kompletten Etat des lieux parallell cibléiert Propositioune fir de long terme, de moyen terme an och kuerzfristeg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt meng Presentatioun ofschléisse mat e puer Commentairen iwwert de Monitoring vun de Moossnamen. D'Noutwennegkeete fir an dësem Beräich aktiv ze gi sinn evident a situéiere sech op verschiddenen Niveauen.

Den éischten Niveau ass dee vun der Kollekt vun den Donnéeën. Eng modern an nohalteg Landesplanung brauch fiabel a virun allem aktuell Donnéeën. D'Ministèrë sinn an der Regel awer mat folgender Situatioun konfrontéiert: D'Donnéeë bestinn net. D'Donnéeë sinn net richteg. D'Donnéeserhiewung baséiert sech op net fiabele Methoden. D'Donnéeë bestinn um Pabeier, sinn awer net digitaliséiert, sou dass dës nëmme schwéier oder mat vill Opwand traitéiert kënne ginn, zum Beispill d'PAGe vun de Gemengen. D'Donnéeë ginn net regelméisseg aktualiséiert, zum Beispill Fräiflächen an den Industriezonen. D'Donnéeë bestinn net an der Echelle wou se gebraucht ginn, zum Beispill um Niveau vun de Lokalitéiten. D'Donnéeë befanne sech bei ville verschiddenen Institutiounen, Statec, Ministèren, Gemengen, CEPS an esou weider. Eng effikass Planung ass erschwéiert duerch déi feelend Zentraliséierung a Koordinatioun.

Parallell dozou wuessen awer d'Ufuerderungen un d'Landesplanung andauernd. Eng modern Raumplanung sollt sech awer op Planungprozesser a Konzepter konzentréiere kënnen an net op eng laangwiereg Kollekt vun Donnéeën, déi oft méi laang dauert wéi déi eigentlech Planung selwer. Bei der Uwennung vu wëssenschaftleche Planungsmethoden ass et wichteg ze ënnersträichen, dass eng modern Raumplanung muss kënne schnell, novollzéibar a wëssenschaftlech begrënnt zur Problemléisung oder zur Erschafung vu konkrete Projete bäidroen.

Éischt Erfahrungen, déi mer duerch de Projet IVL kritt hunn, loosse mech do éischter zu positive Konklusioune kommen. Dës Aarbecht limitéiert sech net op d'Kollekt vun Donnéeën oder dem Mole vu reglementaresche Pläng wéi de PAGen, mä beinhaltet eng ganz Palette vun wëssenschaftleche Methode wéi d'Bewäertung, d'Modelléierung, d'Simulatioun, d'Visualisatioun op verschidden Niveauen.

An all dëse Beräicher geet de wëssenschaftleche Progrès ganz schnell virun. Speziell bei der Uwennung vun dem GIS, dat heescht dem geographeschen Informatiounssystem, wat e wesentlecht Instrument ass fir d'Raumplanung méi effikass ze maachen. D'Entwécklung vu Raum ass e kontinuéierlechen an dynamesche Prozess. Et muss een e regelméisseg beobachten an analyséieren. Dat heescht de Monitoring maachen, fir d'Landesplanungspolitik an all aner sektoriell Politiken, déi en Impakt op de Raum hunn, kënnen effikass ze orientéieren.

Schlussendlech brauch d'Ëmsetzung vun enger ëmmer méi komplexer Raumplanung och eng regelméisseg Sensibilisatioun vun den Acteuren op allen Niveauen, de Ministèren, de Gemengen, dem Public, an ass ofhängeg vun engem kontinuéierlechen Transfert vun Know-how tëschent den Institutiounen.

All dëst si Missiounen, déi en zukünftegen Observatoire du développement spatial, en Instrument net vun engem Ministère, mä wat soll si fir d'Regierung, d'Regioun an d'Gemengen.

An deem Sënn, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech lech elo merci soe fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Ech soen dem Här Innenminister Michel Wolter merci fir seng Interventioun. Als éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marco Schank agedroen. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Marco Schank *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wou wunnen d'Lëtzebuergerinnen an d'Lëtzebuerger an Zukunft?

- Wou schaffe se an Zukunft?

- Wou produzéieren eis Baueren an Zukunft eis Liewensmëttel?

- Wou verbrénge mer eis Fräizäit hei am Land?

- Wou bleift definitiv de Bësch stoen?

- Wéi eng Mobilitéit kënne mer eis an der Zukunft leeschten?

Dat sinn nëmmen e puer Froen, e puer Froen déi eist Land scho méi laang beweegen an déi ganz sécher an Zukunft eis alleguerten nach wäerte beweegen, wäit iwwer eng kuerzlieweg Debatt iwwert de 700.000 Awunner-Stat eraus. An et sinn och genee déi do Froen, wou mir als Politiker op nationalem, op regionalem, op Gemengenniveau eis an Zukunft musse moosse loossen, ob a wéi mir an Zukunft déi richteg Äntwerte fonnt hunn.

Här President, et ass genau dat do den Challenge am Kontext vun deem Instrument iwwert dat mer haut schwätzen, nämlech de Programme directeur, déi definitiv Versioun wéi se elo virläit. Am Ufank vu menger Interventioun wollt ech just an dräi Sätz erënneren, wat de Programme directeur eigentlech soll. Iwwregens kann een dat am Artikel 4 vun dem Landesplanungsgesetz vun 1999 noliesen. Dat sinn effektiv dräi Zilsetzungen:

1. De Programme directeur stellt d'Synthèse vun de sektorielle Programmer vun den eenzelne Ministèren duer.

2. De Programme directeur arrêtéiert déi grouss Orientatiounen an déi prioritär Objektiver vun der Regierung am Zesummenhang mat enger nohalteger Entwécklung. Dozou gehéiert d'Valoriséiere vun de Ressources humaines et naturelles an natierlech och d'Entwécklung vun den ekonomeschen Aktivitéiten.

3. De Programme directeur proposéiert eng Ënnerdeelung vum Lëtzebuerger Territoire an eng Rei vu Regiounen, notamment sechs, a leet eng Rei vun Entwécklungs- an Attraktiounspoler fest.

Am Artikel 5 vum Gesetz ass dann den Oflaf vun der Prozedur fir d'Zoustanekomme vum Programme directeur festgeluecht.

Ech ginn elo hei net weider op déi Zäit virun 1999 zréck, wou ënnert dem fréiere Landesplanungsminister, dem Alex Bodry, e Referenzdokument erstallt gouf an e ganz breeden Diskussiouns- a Konsultatiounsprozess am November 1997 lancéiert ginn ass, mat engem éischte Forum un deen ech mech nach relativ gutt kann erënneren. E Joer méi spéit goufen am Ganze sechs regional Hearinge mat de Gemengen, mat de lokalen Acteuren organiséiert. Insgesamt waren et 420 Participanten, wat schonn deemools de Bottom up-Charakter vun där Virgoensweis an domat och vun deem Dokument, also dem Programme directeur, ënnerstrach huet.

Duerno koum déi zweet Etapp mat dem Asetze vun dräi Aarbechtsgruppen - et ass virdru scho gesot ginn -: dem Développement urbain an dem Développement rural, engem Aarbechtsgrupp Transport a Kommunikatioun an drëttens engem Aarbechtsgrupp Ëmwelt an natierlech Ressourcen, duerno déi

bilateral Consultatiounen ënnert de Ministèren an dann de Forum Nummer zwee.

An der drëtter Etapp gouf dann de Projet ausgeschafft an direkt nom Vote vum Gesetz am Mee 1999 ass e virgestallt ginn, an déi Versioun vum Mee 1999 ass pour avis souwuel un de Conseil interministériel wéi och un de Conseil supérieur vum Aménagement du terrritoire gaangen.

De Minister mat der Zoustännegkeet fir d'Landesplanung schreift a sengem Editorial vun deem neien Dokument, datt de Programme directeur dat wichtegst Instrument fir d'Raumplanung op nationalem Niveau duerstellt, eng gemeinsam Plattform fir d'Integréiere vun de Politiques sectorielles an déi regional Politik oder och an d'Gemengepolitik. D'Ambitioun vun den Auteure vun dësem Programm ass deen - et ass gesot ginn - e Referenzkader ze liwweren, dee global akzeptéiert ass fir en Ensembel vu Pläng a Projeten ze etabléieren, déi noutwendeg si fir eng nohalteg Entwécklung vum Lëtzebuerger Territoire.

Viséiert sinn hei virun allem d'Plans directeurs sectoriels, d'Plans directeurs régionaux an d'Plans d'occupation du sol, wéi se am Gesetz vun 1999 virgesi sinn, woubäi d'Opstelle vun dëse Pläng an d'Responsabilitéit vum Stat an de Gemenge falen. Am Débat iwwert d'Neifestleeung vun de Kompetenzen a Responsabilitéite vum Stat a vun de Gemenge wäerte mir grad op déi dote Problematik nach eng Kéier zréckkommen.

Här President, dës Regierung huet sech no de leschte Wahlen effektiv fir d'Continuitéit am Dossier Landesplanung décidéiert, an duerfir ass de Projet vum Programme directeur och tel quel an d'Consultatiounsprozedur gaangen, wéi se am Artikel 5 vum Gesetz vun 1999 virgesinn ass.

Dat Wichtegst ass jo eigentlech, dass d'Auteure vum Dokument deene villen Iddien an deene ville Recommandatioune Rechnung gedroen hunn, déi eben am Kader an am Laf vun dem Consultatiounsprozess formuléiert goufen, zumindest déi déi mat den Objektiver vum Gesetz a vun der Orientatioun vum Projet an Aklang waren.

Donieft sinn awer och eng Rei vu weideren Ännerunge par rapport zur initialer Versioun gemaach ginn. Dëst - an dat ass och däitlech gesot gi bei der Presentatioun an der Chamberkommissioun - fir eben en aktualiséiert Dokument op den Dësch ze leeën, och am Kontext vun Débaten déi an der Vergaangenheet an deene leschten dräi, véier Joer gefouert goufen, net zulescht deen iwwert den Développement durable.

Här President, déi wichtegst Inhalter vun der definitiver Versioun vum Programme directeur fanne sech am Kapitel 3 erëm, dat vis-à-vis vun der Versioun vun 1999 ëmmerhi vun 8 Säiten op 28 Säiten erop geet.

Ech wollt mech duerfir a menger Interventioun virun allem op d'Presentatioun vun enger Rei vu Prioritéite konzentréieren, d'Prioritésd'action wéi se am Programme directeur genannt ginn. D'Definitioun vun dëse Prioritéiten dréit der praktescher Experienz vu konkrete Projete Rechnung. Dat ass wichteg, besonnesch zënter der Publikatioun vun der éischter Versioun.

Esou geet Rieds vu fënnef groussen Domaines d'intervention, déi ech och nach eng Kéier ernimme wëll an op déi ech am Laf vu menger Interventioun och nach agoe wäert.

Éischtens, d'Verstäerkung vun der Koordinatioun tëschent den eenzelne Ministèren. Zweetens, e ganz wichtegt Kapitel, d'Ëmsetzung vun der regionaler Planung. Drëttens, d'Reorganisatioun vun der Struktur um Lëtzebuerger Territoire am Kontext vun der sougenanntener Déconcentration déconcentrée. Véiertens, d'Gemengenentwécklung an d'Stadentwécklung, a fënneftens, d'Valoriséiere vun europäeschen a grenziwwerschreidenden Initiativen an deem Kontext.

Fänke mer vir un, also bei der Koordinatioun tëschent deenen eenzelne Ministèren. Do wollt ech eigentlech just op een Instrument agoen, dat virdrun och scho vum Minister ernimmt gouf, dat ass dat integréiert Transport- a Landesplanungskonzept, den IVL. Ech mengen, dass grad dëst Instrument e gutt Beispill ass fir integréiert a complémentaire ze kucke wéi Mobilitéit, Raumplanung an iwwerhaapt Landesentwécklung zesummenhänken.

Iwwert de Billet vum IVL gëtt envisagéiert e Modell fir Raumplanung ze definéieren, combinéiert mat engem Transportsystem, an dat am Zesummenhang mat de Besoinë vun den Terrainen, déi d'Lëtzebuerger Bevölkerung an Zukunft wäert hunn, an eben och mat enger Ekonomie a mat enger Bevölkerung, déi de Moment an d'Luucht geet. Dat selbstverständlech compte tenu vun de Contrainten, déi mer wéinst dem Schutz virun eiser Natur mussen zéien, awer och de Contraintë vun deem Mobilitéitszil, wat virdrun eng Kéier ernimmt gouf, vun engem Modal split vu 25%. De Minister huet eis iwwregens an der Kommissioun gesot, datt den IVL am Hierscht 2003 wäert presentéiert ginn.

Wat elo d'Ausschaffe vun de Plans sectoriels ugeet, do mécht de Programme directeur eng hierarchisch Ofstufung. Et gëtt vu Plans sectoriels primaires a Plans sectoriels secondaires geschwat. Ech wëll just kuerz ernimmen, dass, wat déi Plans sectoriels primaires ubelaangt, der dräi ernimmt sinn, virun allem dee vum Transport, dee vum Logement an dee vun der Préservation des grands ensembles paysagers et forestiers.

Do kann ee vläicht soen, datt de Logement selbstverständlech mat Mobilitéit an Ëmwelt ganz vill ze dinn huet, awer och mat Landschaftsschutz a mat engem Réseau vu Zones „Natura 2000". Do spillt dann och dat neit Naturschutzgesetz eran, wat de Moment beim Statsrot läit a wou mer deemnächst gesi wäerten, wat mat eisen Amendementer geschitt.

Wat elo d'Plans sectoriels secondaires ubelaangt, esou sinn der jo schonn zwee realiséiert ginn - de Minister huet et virdru gesot. Den éischten ass dee vun de Lycéeën, dee virun e puer Woche virgestallt gouf. Da gëtt et dee vun den Antennë fir Mobilfunk, dee leschte Méindeg présentéiert gouf, an et sinn och nach weider Plans sectoriels secondaires geplangt, nämlech dee vun den Etablissements Seveso, dee vun de Bauschuttdeponien. Da kënnt nach de Plan d'occupation du sol vum Flughafen a senger Ëmgéigend derbäi. Ech erënneren drun, datt d'Regierung den zoustännege Minister chargéiert hat fir dee Plan d'occupation du sol ze realiséieren, a wann ech richteg informéiert si wäert dee Plang an 1½ Mount och presentéiert ginn.

Ee Wuert nach zu dem Plan sectoriel „Décharges pour matières inertes", wou et ëm net méi an net manner geet wéi déi gerecht Verdeelung vu Bauschuttdeponien iwwert dat ganzt Land. Ech wëll nach eng Kéier soen, datt et an Zukunft net esou ka sinn, dass wann e Propriétaire an en Entrepreneur sech fannen a si hunn zoufälleg och nach eng Kaul, déi d'Natur opgedoen huet, datt dann do eng Deponie entsteet. An Zukunft brauche mer een no Kritäre fest definéierte Réseau vu Bauschuttdeponien.

***(Interruptions)***

Den zweeten Niveau ass e ganz wichtegen, nämlech dee vun der Ëmsetzung vun der regionaler Planung. De Stat gesäit hei eng Politik vun der Ënnerstëtzung fir d'Gemenge vir, e ganz wichtege Volet. Wat heescht dat? Fënnef Niveaue sinn hei virgesinn: 1. d'Initiatioun, 2. d'Begleedung vun de Gemengen, 3. d'Berodung, 4. d'Koordinatioun a last but not least, vläicht dee wichtegste Volet, 5. déi finanziell Ënnerstëtzung.

Fir d'Opstellung vun de Regionalpläng wier et illusoresch - de Minister huet et gesot - fir en Zäitplang wëllen opzestellen. D'Gemenge musse selwer wëssen a sech eens sinn an och verstanen hunn, datt Handlungsbedarf op regionalem Niveau besteet.

De Stat kann awer, an dat gesäit de Programme directeur och vir, an enger éischter Etapp an och duerno d'Gemengen encouragéieren an déi Richtung ze goen an zum Beispill eng Stäerkte-Schwächten-Analys maache loossen. Dësen Exercice ass am Süde gemaach. Am Norden ass en amgaange gemaach ze ginn a wäert deemnächst virgestallt ginn. Oder de Stat kann zum Beispill regional Konferenzen organiséieren oder hëllefe bei einfache Saache Réuniounen anzeberuffen an esou weider an esou fort. Et ass hei, mengen ech, vu Virdeel, datt déi zwou Kompetenzen, d'Gemengen an d'Landesplanung, bei engem Minister leien.

Ech rappeléieren den Artikel 2, Punkt 3 vum 99er Gesetz: Et ass de Landesplanungsminister, deen déi verschidde Moyens d'aménagement koordinéiert fir déi regional Entwécklung. Dat sinn an éischter Linn Moossnamen am Zesummenhang mat den Aménagementspläng vun de Gemengen, dat ass wichteg, an den öffentlechen Investissementer a bestëmmte Beräicher.

An da kann een am Programme directeur noliesen, datt eng déifgräifend Reflexioun muss gefouert gi wéi de Stat finanziell bei där Démarche do hëlleft.

De Minister proposéiert am Kader vun der Kooperatioun tëschent Stat a Gemengen eng nei Formule, de Contrat de développement, eng Iddi déi aus Frankräich kënnt. Domat géif dem Stat d'Méiglechkeet gebuede fir mat deene Gemengen e Contrat de développement ofzeschléissen, déi sech op eng interkommunal, also regional Zesummenaarbecht wëllen aloossen.

Dës Contrats de développement hätten den Avantage vun engem ganz flexibelen an de Regiounen ugepassten Instrument, esou eng Aart Dispositif, dat de regionale Partner, dat heescht deene regionale Gemengesyndikater et géif erlaben, fir hir ureege Politik ëmzesetzen mat de Spezifissitéiten aus der jeeweileger Regioun.

Des Weidere géif de Contrat de développement d'Autonomie communale revaloriséieren duerch eng nei Dimensioun, gewëssermoossen och duerch en Opdeele vun de Kompetenze vor Ort, um Terrain mam Stat am Kontext Raumplanung.

An dann ass de Contrat de développement awer och a mengen Aen een däitlechen Ausdrock vun Dezentraliséierung. Et ass de regionale Gemengesyndikater virbehalen d'Initiativ ze huele fir déi Aktiounen a Projeten, déi se wëllen, a fir déi de Stat, no Négociatiounen an Accord, dann och entspriechend finanziell Hëllefe bereet stellt.

Der aktueller Logik no, datt all eenzelne Ministère seng spezifesch Kreditter alloueiert, kéint een eng Logik vu globaliséierte Kreditter entgéintsetzen, an dat fir all eenzel Regioun a Funktioun vun de Projeten an de Besoinë wéi se ufanks vun den Diskussioune festgeluecht goufen, e bëssen esou wéi et bei de LEADER-Programmer oder och den europäesche Strukturfonge geschitt.

Ech wëll nach ee Moment bei der Finanzéierung an Zukunft vun der Regionalpolitik bleiwen. Et gëtt zum Beispill de Modell Naturpark, wou de Stat prinzipiell 50% vum Fonctionnement finanzéiert, bis zu 80% vun de Paien, an och hëlleft d'Projeten ze cofinanzéieren. Bei där ganzer Regionalentwécklung, dat ass wichteg, däerf een net vergiessen, datt et net nëmmen ëm Hardware geet, also nëmme Sue fléisse wann ee gemeinsam als e puer Gemengen eng Schwemm baut, eng Sportshal oder een Transportsystem finanzéiert, et geet och ëm d'Software. Dat ass vläicht dat Wichtegst. Et geet ëm d'Regionalentwécklung. Déi brauch Leit, déi brauch haaptamtlech Fachleit, déi déi Entwécklung ëmsetzen, also regionale Management maachen, Projete plangen, Projeten ëmsetzen. Do brauch ee Suen. Do muss ee Paie bezuelen, an dat ass nun eemol eng héich an eng dauernd Dépense. Beispill Naturpark: Do kann ee soen datt een op 6.000 Awunner sechs haaptamtlech Mataarbechter huet. Also géif an der Regionalentwécklung ee regionale Manager oder eng regional Managerin pro 1.000 Awunner kommen.

Mir hunn och an der Intérieurskommissioun nach leschten Dënschdeg driwwer geschwat, ob ee Regionalentwécklung zum Beispill besser iwwer ee Regionalfong finanzéiert oder iwwert de Modell vun engem Contrat de développement. Et gëtt sécher nach aner Modeller. Ech mengen, datt déi zwou Formulë Vir- an Nodeeler hunn. De Contrat de développement ass ganz sécher méi flexibel wéi ee Fonds régional. Op där anerer Säit däerf keen Arbitraire entstoen, wann ee Contrat de développement spezifesch fir eng Regioun ausgehandelt gëtt. D'Regiounen insgesamt mussen all herno d'selwecht behandelt ginn, an dofir brauch een ee fir allemol festgeluechte Kritären, fir dofir ze suergen datt Transparenz a Gerechtegkeet gewährleescht ginn, wa staatlech finanziell Hëllef fléisst. Op jidde Fall ass et wichteg, datt eng gutt strukturéiert an transparent finanziell Hëllef do ass, wann ee se brauch, well, mengen ech, d'Finanzen e wichtege Rôle wäerte spille fir Gemengen a Regiounen ze incitéieren zesummen ze schaffen a Richtung vun deene sechs Syndicats régionaux am Kontext vun de Regionalpläng.

Här President, de Programme directeur gesäit ee Regruppement vun eise Gemengen a Regionalsyndikater vir. Et si sechs Regiounen an och d'Kreatioun vu Centres de développement et d'attraction. Dat bréngt mat sech, datt d'Regierung sech Gedanke mécht iwwert déi zukünfteg Organisatioun vun hiren eegenen administrative Strukturen. Ech kommen nach dorobber zréck.

Wat um Terrain geschitt, do wëll ech net ze laang drop agoen. De Minister huet et gemaach, zum Deel. Vläicht e puer kuerz Sätz zu de sechs Regiounen.

Am Süden ass d'Valoriséierung vun den Industriefrichen eng richteg grouss Erausfuerderung fir d'Raumplanung an deenen nächste Joren. Do ass ee Gemengesyndikat entstanen, de Pro-Sud. Si sinn amgaange Vertriederinnen a Vertrieder ze bestëmmen. Mäi Kolleeg de Fred Sunnen wäert spezifesch op deen do Eck vun eisem Land nach agoen.

***(Interruption)***

Loosse mer soen, et ass een dichtbesiedelten Eck.

Ech komme bei de Centre-Sud. Et ass scho gesot ginn, datt d'Stad Lëtzebuerg mat den Nopeschgemenge bereet si sech ze engagéieren, fir zesummen ze schaffen. Hei ass eng Regionaletüd erstallt ginn. Et feelt awer nach d'Analys vun de Stäerkten a Schwächte vun der Regioun.

Am Norde gëtt et de Moment eng Démarche, déi de Minister beschriwwen huet, mat 16 Gemengen. Hei ass am Kader vun dem Regionalplang Norden och eng nei Opdeelung vu Gemengen am Gespréich, well eng gewësse Bereetschaft ass vun enger Partie Gemenge fir ze fusionéieren. Ech ginn elo net weider drop an. Ech wëll just soen, datt net méi spéit wéi nächsten Dënschdeg do d'Stäerkten-Schwächten-Anayls wäert virgestallt ginn.

Dann hu mer de Centre-Nord mat der zukünfteger Nordstad, wou virun zwee bis dräi Joer eng Bewegung vun ënnen entstanen ass mat der Denkfabrik Nordstad, virun allem mat dem Schwéierpunkt fir eng nei Mobilitéit an deem Raum. Deen neie LEADER-Grupp, deen deet sech nach e bësse schwéier, well do d'Gemengen net alleguerten agesinn hunn, datt dat hinnen en Notze ka bréngen. Ech wëll awer op dëser Plaz däitlech soen, aus eegener Erfahrung, aus Erfahrung vu menger Regioun, datt LEADER vill nei an innovativ Dynamike fräisetze kann, déi ee virdrun net fir méiglech gehalen hätt. Ech géif also heimat een Appel verbannen un all d'Gemengen aus der zukünfteger Nordstad an hinne recommandéieren déi Chance no der Viraarbecht um Terrain net laanscht goen ze loossen.

An der Regioun Weste gëtt et eng ganz intensiv Vergaangenheet a Realitéit a puncto Regionalentwécklung mat de Syndicats à vocations multiples, dem Réidener Kanton an dem Naturpark Öewersauer. An deem Eck gouf och deen éischte LEADER-Programm an de Programm Objectif 5B ëmgesat. Hei sinn déi politesch Responsabel mengen ech eens, deemnächst an hire Comitéen iwwer eng entspriechend Démarche am Kontext Regionalplang Westen ze schwätzen.

An dann hu mer nach den Osten, wou et eescht a konkret Schrëtt gëtt - hunn ech mer soe gelooss vum honorabele Kolleeg Jos Scheuer - a Richtung vun engem éischten Zesummeschloss fir een Naturpark Mëllerdall, e LEADER-Plus-Grupp…

***(Interruptions)***

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Lauschtert dem Här Schank no!

M. Marco Schank *(CSV).*- …vu fënnef Gemengen, wou lechternach och eng Roll spillt. Et sinn éischt Schrëtt, déi sech dinn. Do freeë mer eis driwwer.

Ech wollt awer dann nach soen, datt am Kader vun den Débats iwwert d'Verdeelung vun de Kompetenzen an de Responsabilitéite Stat-Gemenge sech d'Fro eben och vum Contrôle vum Gemengesecteur stellt an an deem Kontext eng Redefinitioun vum Ministère de l'Intérieur. Dat steet och am Programme directeur dran. Hei ass eben och eng Reflexioun déi interessant kéint sinn, fir deem aktuelle Commissariat de district eng nei Aufgab ze ginn. Si kéinten zum Beispill ënner anerem hëllefe fir d'Aarbechten am Kontext Regionalentwécklung ze dynamiséieren.

Et ass och kloer, datt d'Gesetz Aménagement du territoire eréischt richteg zum Droe wäert kommen, wann déi sechs Regionalpläng, déi am Programme directeur virgesi sinn, ofgeschloss goufen. Dofir ass et esou wichteg datt de Prozess vun der Ausaarbechtung vun dëse Pläng séier virugeet. Mir brauchen also eng personaliséiert Démarche fir all Regioun. Déi muss definéiert ginn. Mir brauchen eng Politik vun der staatlecher Ënnerstëtzung, déi konkretiséiert muss ginn, datt d'Gemengen, d'Regioune wësse wou se dru sinn. Och d'Gemenge mussen encouragéiert ginn Entwécklungspläng opzestellen en fonction vun de Prioritéiten, déi vun deem neie Gesetz iwwert den Aménagement communal defi-

néiert ginn. Hei mengen ech kéinten d'Commissaires de district eng wichteg Roll spillen.

Här President, ech wollt dann nach ee Wuert soen zur sougenannter Déconcentration déconcentrée. Och heigesäit de Programme directeur ee spezifescht Instrument vir, nämlech dat vun dem System vun de Centres de développement et d'attraction, d'CDAen. Ech hu schonn iwwert d'Contrats de développement geschwat. Dëse Modell kéint och hei eng sënnvoll Uwendung fannen. Ech hu virdru gesot, d'Iddi kënnt aus Frankräich mat deene sougenannte Contrats de ville. Déi hunn a Frankräich hir Prouf bestanen.

De 7. Mee 2002 huet eise Premier am Kader vun der Erklärung iwwert d'Lag vun der Natioun an der Chamber verschidde Mesuren ugekënnegt, fir de Bevölkerungswuesstum ze begleeden. Do proposéiert de Programme directeur d'Méiglechkeet, datt de Stat mat verschiddene Gemenge beispillsweis Wunnentwécklungspläng géif ofschléissen. Dës Pläng sollen an Etappe realiséiert ginn an dann nach eng Kéier den Imperative vun der Raumplanung Rechnung droen. Et misst natierlech an éischter Linn mat deene Gemengen ugefaange ginn, déi d'Qualificatioun hu vum Centre de développement et d'attraction.

Ech wollt an dësem Kontext drop hiweisen, datt de Minister bei der Presentatioun vun der definitiver Versioun vum Programme directeur an der Kommissioun proposéiert huet eng Regionaliséierung vun der Gestioun vun den Aktivitéitszentren an d'Wee ze leeden.

Da wollt ech nach zum véierten Niveau kommen: d'Gemengenentwécklung an d'Stadentwécklung. Mir hate gëschter en Débat iwwert de Logement, wat en enorm wichtegt Thema ass am Kader vun der Raumplanung, och fir d'Leit dobaussen, déi op der Sich no enger bezuelbarer Wunneng oder no engem bezuelbare Bauterrain sinn. Hei mussen d'Gemengen déi noutwendeg Moyene kréie fir op hirem Terrain eng Politik vun der Nohaltegkeet an d'Realitéit ëmzesetzen. Ee vun den Instrumenter ass d'37er Gesetz, wou Der wësst dass en neie Projet déposéiert gouf, deen de Moment beim Statsrot läit.

De Remembrement urbain ass jo schonn en Instrument aus deem ale 37er Gesetz an de Projet de loi proposéiert zwou Prozeduren an deem Kontext. Éischtens kritt d'Gemeng d'Méiglechkeet bei enger Majoritéit vu Propriétairen, déi d'accord sinn, eng Minoritéit vu Propriétairen a leschter Instanz ze enteegnen, wann déi blockéiert. Zweetens gesäit de Remembrement légal d'Initiativrecht vun der Gemeng mat enger Minoritéit vu Propriétairë vir.

Et ginn nach eng Partie Instrumenter - ech ginn elo net weider drop an, dat ass gëschter detailléiert gemaach ginn - wéi zum Beispill d'Réserves foncières, en Instrument wat de Gemengen hëllefe kann, datt d'Gemenge mat de Propriétairen Entwécklungskontrakter ofschléissen. Des Weidere gëtt et awer och d'Virkafsrecht, den Droit de préemption, dee gëschter hei am Detail diskutéiert gouf. En anert Thema ass d'Reforméiere vun der Grondsteier, dat doudsécher am Débat iwwert d'Kompetenze Stat-Gemenge wäert erëm kommen. Am Zesummenhang mat deem neie 37er Gesetz wollt ech nach soen, datt hei Propositiounen dra stinn, déi déi technesch Planung a Gestioun vum Aménagement communal wäerte verbesseren.

Ee Wuert zu den europäeschen a grenziwwerschreidenden Initiativen. Ech wollt do just soen, datt Lëtzebuerg als klengt Land e groussen Effort muss leeschte fir un all deenen europäesche Programmer an Initiativen deelzehuelen. Ech muss awer och ënnersträichen, datt deen Effort e ganz wichtegen ass. Emol ofgesi vun deene finanzielle Mëttelen, déi fléissen, ass et d'Wourecht, datt a verschiddene Regiounen hei zu Lëtzebuerg an der Vergaangenheet vill innovativ Projeten an Initiativen net realiséiert gi wieren, wa mer net bei deenen engen oder aneren europäesche Programmer matgemaach hätten, ob dat elo de LEADER, den INTERREG oder een anere war.

Här President, am Artikel 5 vum 99er Gesetz steet, dass de Programme directeur an all déi complémentaire Programmer regional a sektoriell kënne geännert a reviséiert ginn. Duerfir wollt ech nach kuerz e Punkt beliichten, an dat ass dee vum Monitoring. De Minister huet et gemaach. De Moment gesäit just de Programme directeur „lycées", respektiv an engem klenge Mooss dee vun den Antennen, dee Monitoring vir. Et ass awer dru geduecht gi fir e stännege Suivi ze maache vun de Resultater, fir déi politesch Décideuren ze informéieren an dann ënner Ëmstänn d'Mesuren och entspriechend unzepassen, wat, mengen ech, ganz wichteg ass. Dës Approche muss a mengen Aen zukünfteg fir all Plan directeur sectoriel gëllen.

De Programme directeur gesäit eng Evaluation a posteriori vir. Esou eng Evaluatioun kann nëmmen op Basis vu fiablen Donnéeën erfollegen, déi periodesch aktualiséiert ginn an engem wëssenschaftlechen Hannergrond entspriechen. Et brauch een also eng Banque de données - dat hu mer schonn esou dacks gesot. Am Dokument gëtt eng Aart Institut proposéiert, en Observatoire de développement spatial, dat esou Missioune kéint iwwerhuelen.

är President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wollt ech nach e Punkt aus dem Programme directeur ervirsträichen, dee mir ganz wichteg schéngt. Dat ass dee vun der Sensibiliséierung am Zesummenhang mat der Landesplanung an och vun der Bedeelegung vun de Biergerinnen a Bierger an deemselwechte Kontext.

Dat alles ass natierlech méi séier gesot wéi gemaach, well mer et hei mat enger komplexer Matière ze dinn hunn. Et brauch ee sech nëmmen d'Dokument unzekucken. Ech wollt zwee Niveauen ervirhiewen. Deen éischten ass dee vun de politeschen Décideuren. Do ass et wichteg, datt een déi doten Décideuren op allen Niveauen, ob dat elo d'Gemenge sinn, ob dat d'Regioun ass oder ob dat national ass, gewëssermoosse bottom up aktiv bei der Ëmsetzung vun der Politik vun der Raumplanung abënnt. Dat ass zum Beispill mat deene regionalen Hearingen deemools geschitt.

Dann awer eppes, wat net am Dokument steet, wat awer ganz wichteg ass: Et muss ee mat den Décideuren ëmmer erëm eraus goen an d'Ausland oder an déi Regiounen, déi grad top an deem engen oder anere Beräich an Europa sinn, well eigentlech sinn d'Rieder alleguerten erfonnt, et muss ee just kucke wou se dréinen a wéi se dréinen a kucke wat een domat zu Lëtzebuerg maache kann.

Zweetens ass et och wichteg, datt een dem Grand public op eng einfach an digeste Manéier d'Zesummenhäng vun der Landesplanung däitlech mécht, well een an Zukunft soss net op d'Matwierke vun de Biergerinnen a Bierger an dëser wichteger Matière ziele kann. Esou eng Sensibiliséierung gëtt vun deem Moment u méi einfach, wou se an enger homogener Regioun mat enger eegener Identitéit ka geschéien, wéi beispillsweis an engem Klierwer Kanton, engem Réidener Kanton oder engem Naturpark Öewersauer, wou bei der Populatioun schonn esou en Zugehöregkeetsgefill entstanen ass an opkomm ass, dat iwwerhaapt d'Ëmsetze vun enger Raumplanungspolitik no an no méi einfach mécht.

Här President, de Programme directeur ass en Instrument vun der Regierung. Eng vernetzten ugeluechte Landesplanung an eng effikass Mise en oeuvre brauch awer selbstverständlech Partner, an dat op allen Niveauen. Et ass wichteg, dass de Programme directeur zu all Moment d'Enwécklung vun ënnen zouléisst. Mir brauchen an deenen zukünftege Regioune parallell zum Ausschaffe vun de Regionalpläng Iddiendëscher, wou net nëmmen déi politesch Décideure beieneesëtzen. De Programme directeur däerf d'Praxis um Terrain net vernoléissegen. Ähnlech wéi an der LEADER-Démarche mussen d'Forces vives vun der jeeweileger Regioun vun Ufank u mat agebonne ginn, zesumme mat der Bedeelegung vun de Leit, déi an där Regioun wunnen.

Mäi Credo ass, Här President, datt d'Landesplanung an d'regional Entwécklung ouni d'Abanne vun der Zivilgesellschaft am Endeffekt net wäert fonctionnéieren. Duerfir brauche mer de Modell vum Iddiendësch oder den Zukunftsdësch. Et ass mer egal wéi mer et nennen. Ech gleewen am Endeffekt un d'Wiesselspill vun dëser Politik. Mir brauchen déi zwee Mouvementer a mir brauche se parallell, vun ënnen no uewen a vun uewen no ënnen.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schank. Als nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Bodry un der Rei. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, knapp véier Joer nodeem den éischte Projet iwwert de Programme directeur vun der Landesplanung virgestallt ginn ass, no Prozeduren, déi gutt dräi Joer gedauert hunn, ass et endlech esou wäit: D'Regierung presentéiert, esou wéi d'Gesetz vum 21. Mee 1999 iwwert d'Landesplanung dat virschreift, der Chamber den definitive Programme directeur vun der Landesplanung, deen, denken ech, nodeem déi Debatten hei stattfonnt hunn, an enger nächster Regierungssitzung och wäert definitiv vun der Regierung dann arrêtéiert ginn.

Ech wëll mech am Ufank vu mengen Ausféierunge mat zwou Froe beschäftegen: Wat ass eigentlech de Programme directeur a wat ass d'Roll, wat ass d'Missioun vun der Chamber? Wat ass de Stellewäert vun dëser Debatt bei der Ausaarbechtung vun dem Leitprogramm vun der Landesplanung?

De Programme directeur ass dat éischt Instrument fir d'Ausféierung vun der Landesplanungspolitik hei am Land. Esou steet et am Gesetz vun 1999, wat den heitege Minister als fortschrëttlecht Gesetz bezeechent huet. Dat freet mech, well et och sengerzäit 1999, ech erënnere mech, net ëmmer einfach war an der Zielgeraden dat Gesetz do duerchzebrénge. Eng vun deene méi kritesche Stëmme war déi vum deemolegen Innenminister, deen elo als Landesplanungsminister hei eng besser Asiicht huet a sécherlech d'Richtegkeet vun deem Gesetz erkennt.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- …Dat muss ee fairerweis dobäi soen, mä och d'Einsicht, Här Bodry, ass jo eppes wat ee ka kréien.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Et freet mech dat ze héieren, Här Minister. Op jidde Fall wéilt ech do keng Nachhutgefechter féieren. De Fait ass, dass mer dat Gesetz hei kuerz virum Enn vun der leschter Legislaturperiod an der Chamber gestëmmt hunn, an dass et u sech wierklech e Gesetz ass wat der Regierung, der Exécutive - loosse mer et esou soen - eng ganz Rëtsch vun Handhabe gëtt fir konkret Politik duerchzefëieren.

Wat ee konnt feststellen ass, dass parallell zu där laangwiereger Prozedur vum definitive Programme directeur scho lénks a riets ugefaange ginn ass un der sektorieller Planung, sief et an der Regioun Süden oder sief et an eenzelne Secteure vun den Aktivitéite wéi de Lycéeën zum Beispill, esou dass mer e bëssen an där cocasser Situatioun sinn, dass mer eigentlech nach keen definitive Programme directeur haten an awer scho Projete vu Plans directeurs sectoriels der Chamber hei virgeluecht si ginn.

Ech si frou, dass mer et elo héchstwahrscheinlech in extremis awer nach fäerdeg bréngen déi richteg Hierarchie an déi richteg Reiefolleg an déi Planungsintensitéit do eran ze kréien, an dass mer fir d'éischt emol de Programme directeur, wat dat allëmgräifend Dokument ass a wat d'Orientéierung an d'Richtlinne festleet, festleeën, an doropshin a Konkordanz zu deem Programme directeur wa méiglech, well soss läit eppes schief, eis sektoriell an eis regional Plans directeurs kréien.

Wichteg ass och festzehalen, dass dee Programme directeur haaptsächlech en Orientéierungscharakter huet, net esou séier fir d'Privatpersounen, mä d'Gesetz seet ganz kloer et orientéiert d'Démarchen an d'Décisioune vun der Regierung a vun de Gemengen, vun den nationalen a vun de lokalen Autoritéiten. Dat heescht also am Kloertext, dass Verwaltungen, dass politesch Autoritéite lokal an national keng Décisioun an Zukunft, wann dee Programme directeur publizéiert ass, wäerte kënnen huelen, déi an engem offene Widdersproch stinn zu deem Programme directeur. Et sief da si kënnen dat speziell motivéieren. Dat ass meng Interpretatioun vun deem Text. D'Geriichter wäerte wahrscheinlech fir eng zerguttsten Interpretatioun suergen.

Wann de Stat oder d'Gemengen dat net maachen, sech also iwwert de Programme directeur ewech setzen a contraire Décisiounen huelen, si se zumindest bei hiren Décisiounen dem Risiko vun enger Sanctioun duerch d'Verwaltungsgeriichter ausgesat. Et ass also schonn e ganz essentiellen Akt deen hei preparéiert gëtt an deen d'Regierung dann deemnächst wäert huelen.

Kärpunkt vun deem Programme directeur, an dat ass ausdrécklech am Gesetz festgehalen an do gëtt e sécherlech och méi contraignant wéi an anere Beräicher, ass d'Andeelung vum Territorium a verschidden Aménagementsregiounen. Et sinn der sechs un der Zuel. Ech hu festgestallt, dass souwuel wat d'Zuel wéi och wat d'Configuratioun vun deene verschiddene Regiounen ugeet näischt geännert huet par rapport zu der Virlag vum Mee 1999.

Dozou gehéiert och erëm eng Kéier no den Termë vum Gesetz d'Festleeung vun de sougenannten Enwécklungszentren, de Centres de développement et d'attraction, wéi de Programme directeur se nennt, wou mer tëschent eenzelne Stufen differenziéieren: en nationalen Zentrum Stad Lëtzebuerg, mir hunn zwee mëttelnational Zentren, de Beräich Ettelbréck/Dikrech an Esch-Uelzecht, a schliesslech zwielef regional Zentren. Ee méi wéi am ursprüngleche Projet.

Ech hu festgestallt, dass Jonglënster mat bäikomm ass. Et ginn eng Rëtsch vun Argumenter fir dat esou ze maachen. Ech hoffen, dass dat net mat der Décisioun zesummenhänkt fir e Lycée zu Jonglënster ze maachen, dass retroaktiv de Programme directeur doropshin ugepasst ginn ass. Et fält mir just op, dass an enger vun deene Planungssektiounen, där vum Osten, déi dem Här Scheuer um Häerz läit, ëmmerhin déi gréissten Zuel vu regionalen Entwécklungszentren ass mat elo véier, dräi plus eng mat Jonglënster.

Et ass also op deem dote Punkt, wou de Programme directeur eng richtungsweisend Fonctioun kritt an all d'Décisiounen, déi an der Zukunft wäerte geholl gi wat d'Implantatioun vun nationale Strukturen ugeet oder wat d'Regionaliséierung ugeet, mussen sech a mengen Aen, wa bis dee Programme directeur am Mémorial publizéiert ass, no deenen Zentren do riichten, soss ass keng Kohärenz méi an der Landesplanung méiglech.

Doduerjer kommen eng Rëtsch vun Aufgaben op d'Gemengen zou. Déi éischt Aufgab ass natierlech, dass d'Gemenge selwer hir regional Zesummenaarbecht, hir Kooperatioun iwwert d'Grenzen eraus intensivéieren. Dat ass net ëmmer einfach. Déi Zesummenaarbecht ass bis elo meeschtens punktuell gebonne gewiescht. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg, mat der Ausnahm vun den Naturparken, an do hu mer jo och nëmmen een, dee momentan fonctionnéiert, eigentlech wéineg Erfahrung mat enger interkommunaler Zesummenaarbecht, déi op verschidde Gebitter ausgedehnt a systematesch wär. Do ass nach e groussen Effort ze maachen, well dat eigentlech en Haaptakzent vun dem Programme directeur ass.

Selbstverständlech geet och eng Aufgab un de Stat an un d'Regierung fir selwer dofir ze suergen, dass hir Décisiounen am Aklang bleiwe mat deem Programme directeur. Ech si mer net sécher, ob dat an deene leschte Joren ëmmer de Fall war. Si musse virun allem elo dofir suergen, dass an deenen eenzelne sektorielle Pläng oder regionale Pläng och wierklech déi Konkordanz zum Programme directeur gewährleescht gëtt, besonnesch wat d'Andeelung vun deenen eenzelne Regiounen ugeet. Ech muss soen do hunn ech gemëschte Gefiller, wann ech den éischte Projet vun engem Plan sectoriel „lycées" kucken, wou awer schonn e bësse gefréckelt gëtt un de Grenze vun den eenzelne Regiounen, esou wéi de Programme directeur se virgesäit. Dat alles léisst op nach munch Kompromisser schléissen. Ech froe mech, ob dat gutt ass.

Operationell gëtt de Programme directeur, wann hie sech elo beschränkt op d'Instrumenter vun der Landesplanung duerch regional Leitpläng an duerch sektoriell Leitpläng, mä natierlech sinn dat net déi eenzeg Instrumenter, déi d'Ëmsetzung vun deem Programme directeur ausmaachen. D'Ëmsetzung muss och geschéien duerch Gesetzer, duerch Reglementer, duerch Hëllefen, duerch Sanctiounen, déi op nationalem Plang an op lokalem Plang virgesi gi fir déi eenzel Punkte vun den Orientéierungen a vun den Zilsetzunge vun dësem Programme directeur ëmzesetzen.

Eng definitiv Bëuerteelung - ech mengen do si mer eis och alleguerten eens - vun deem heite Programme directeur, vu sengem Wäert, deen en huet, geschitt net direkt elo, kann net direkt elo geschéien, mä geschitt eréischt an e puer Joer, wa mer gesi wéi wierklech déi Iddien do gegraff hunn a wéi wäit am Grad an an der Qualitéit vun der Ëmsetzung vun deene Grondorientéierunge mer schlussendlech hei virukomm sinn op staatlechem Plang an op Gemengeplang.

Déi also echt Epreuve de vérité fir de Programme directeur steet eréischt bevir tëschent deenen - där ginn et der - déi mengen dat hei wier eng Usammlung vu gutt gemengten Absichten, éischter theoreteschen lwwerleeungen, déi awer mat der haarder Realitéit um Terrain relativ wéineg ze dinn hätten, an deenen déi sech duerfir

asetzen - an ech hoffen, dass déi Zuel ëmmer méi grouss gëtt -, dass esou e Programme directeur eng Orientéierungsrumm duerstellt fir dat politescht Handelen hei zu Lëtzebuerg, eng Referenz an en Entscheedungskritär beim Stat a bei de Gemengen.

Ech wëll besonnesch meng Satisfactioun doriwwer ausdrécken, och am Numm vu menger Fraktioun, dass mat deem heite Programme directeur definitiv den eigentleche Planungsgedanken erëm schéngt op e méi breede politesche Konsens ze falen. Et sinn Zäite ginn, a si sinn net allze laang hier, Enn den 80er. Ufanks den 90er Joren, wou eng ganz breet Stréimung an der öffentlecher Meenung an och Eenzelner hei am Parlament an de politesche Parteien do ware fir ze soen: „Planung, dat ass Vergaangenheet! Wat elo gëllt, dat ass de fräie Wëlle vun deenen Dichtegen. Dat ass de Maart, deen alles regelt, a wat gutt fir de Maart ass, dat ass och gutt fir de Rescht vum Land, also och fir d'Landesplanung."

Als Sozialiste si mer fir eng sozial an ökologesch Maartwirtschaft. Mir sinn awer géint eng Maartgesellschaft, wou alles dorobber géif orientéiert ginn. Mir sinn also der Meenung, dass de Stat an och d'Gemengen an hirem Kompetenzberäich, fir den allgemengen Intérêt héich ze halen, musse kënne reguléierend agräifen, an dat an engem demokrateschen, an engem partizipativen an an engem transparenten Entscheedungsprozess.

Dat sinn eigentlech och d'Iddien, déi mer probéiert hunn an dat Landesplanungsgesetz vun 1999 eran ze kréien. Nëmmen esou ka garantéiert bleiwen, dass e gewëssen Equiliber bestoe bleift, oder dass en do, wou e gestéiert ass, erëm hiergestallt gëtt tëschent der sozialer Kohärenz, der wirtschaftlecher Effizienz an dem schounenden Ëmgang mat der Natur a mat der Ëmwelt.

Dëst Dokument ass en Dokument vun der Exécutive. Och dat geet kloer aus dem Gesetz vun 1999 ervir. Et dréit also haaptsächlech de Stempel an och d'Responsabilitéit vun der Regierung, déi et definitiv och arrêtéiert. D'Gesetz gesäit vir eng Presentatioun an der Chamber, keng Ofstëmmung an der Chamber iwwert dee Programme directeur. Ech mengen dorobber sollte mer eis och hei beschränken.

Mer sollten net aus dëser Debatt eng Ofstëmmung maache jo oder neen zu deem heite Programme directeur, well et an deem Programme directeur villes gëtt wat e kann deelen, et awer ëmmer eenzel Punkte gëtt wou ee vläicht kann enger anerer Meenung sinn, a wou mir och an eenzelne Punkten als Partei enger anerer Meenung sinn, och wa mer d'Grondorientéierung richteg fannen. Wéi kéint et och anescht sinn, well se nach ëmmer an deene ganz wesentleche Punkten déi ass, déi schonn ënnert der viregter Regierung festgehale gi war. Mer mengen awer, dass mer duerchaus duerch déi Suggestiounen, déi Kritiken, déi mer hei maachen, och nach kënnen en inhaltlechen Apport zu deem Programme directeur brëngen, deen dann d'Regierung schlussendlech zréckbehält oder net esou direkt zréckbehält.

Wat ech e bëssche bedaueren, dat ass d'Preparatioun vun dëser Debatt, wou ee kënnt soen dass d'Schold un där bësse mangelhafter Preparatioun gedeelt ass. Hei ass een Débat de consultatioun gefrot gi vun der Regierung. D'Chamber huet d'Debatt net preparéiert. Ausser enger Presentatioun virun zéng Deeg vum Minister vun där iwwerschaffter Versioun vum Programme directeur ass net am Detail vun der Chamber eng Preparatioun gemaach ginn op déi heiten Debatt. Mir haten och net virleie vu Säite vun der Regierung d'Avise vun de Gemengen, d'Avise vum Conseil supérieur vum Aménagement du territoire, respektiv Apporten déi eenzel Ministèren zënter 1999 bruecht hunn an déi zu deem definitiven Text gefouert hunn. Mir kënnen also décemment net kontrolléieren, ob deem Rechnung gedroe ginn ass vun der Regierung, wat am Kader vun der Consultatiounsprozedur vun eenzelne Leit erabruecht ginn ass. Mer mussen Akt dovunner huelen. Dat hätt ee sech kënnen anescht virstellen.

Ech muss och soen, dass ee muss konfrontéieren déi gutt dräi Joer, wou elo den éischte Programme directeur an de Prozedure war an déi zéng Deeg, wou mer als Deputéierten eigentlech Zäit hate fir deen iwwerschaffte Programme directeur ze kucken an eis eng definitiv Meenung dozou ze maachen. Dat schéngt mer awer eng bësse grouss Distanz se sinn an den Délaien, déi déi eng an dann déi aner haten. Et wär, mengen ech, besser gewiescht, nodeem et elo iwwer dräi Joer an der Prozedur war, dass déi lescht parlamentaresch Phas sech net vläicht op zéng Deeg beschränkt hätt. Dat hätt méi en Impakt gehat op eis Aarbecht, op déi Influenz déi mir als Chamber hei kënnten huelen.

Wat och opfält bei der Lecture vu deem iwwerschaffte Projet, dat ass dass en awer nach ëmmer markéiert ass duerch d'Erkenntnisser vun den 90er Joren, an dass eigentlech esou just par la bande Elementer dran integréiert gi sinn, déi sech dann awer net onbedéngt duerch de ganze Programm duerchzéien, notamment deen Ëmschwonk an der Konjunktur, dee mer zënter 2001 kennen, deen awer en direkten Impakt wäert hunn op verschidde Grenddonnéeën déi d'Landesplanung betreffen a wou ech zu deene gehéieren, dat mag net jiddfereen deelen, déi der Meenung sinn, dass mëttelfristeg wahrscheinlech déi méi onbequem Situatioun, wéi mer se elo kennen, wat d'wirtschaftlech Entwécklung ugeet, mat de Répercussiounen op d'Entwécklung vun der aktiver Bevölkerung, mat der Entwécklung vun der Zuel vun de Chômeuren, mat der Entwécklung vu deene Leit, déi hei op Lëtzebuerg wunne kommen, dass déi wahrscheinlech och nach mëttelfristeg wäert unhalen, dass dat net muer eriwwer ass, och wa sollt den Irakkrich ganz kuerz daueren, wat d'Hoffnung vu ville Wirtschaftskreeser ass.

Dat gëtt erwähnt zwar, mä et gëtt par la bande als Zousaz praktesch mat erabruecht, an et misst een eigentlech eng Relecture maache vun deem ganze Programme directeur opgrond vu deene veränderten Daten, wéi se sech elo zënter zwee Joer weisen a wou ee kann dovunner ausgoen, dass se nach zumindest während enger selwechter Zäitperiod wäerte bestoe bleiwen.

Wat ech muss beanstanden, dat ass dass bei der Prozedur vum éischte Projet bis haut sech un de Minimum vum Gesetz gehale ginn ass, dass eigentlech do net probéiert ginn ass dee Gedanken, dee mer am Virfeld haten, fir iwwer Forumen, fir iwwer Aarbechtsgruppen déi Verschaffung vun den Avise bis op dat Lescht duerchzedenken. Hei ass eigentlech méi eng klassesch Approche geholl ginn zënter 1999, wou eigentlech d'Gemengen, de Conseil supérieur, Avisen eraginn, de Ministère verschafft se, vläicht a Concertatioun mat anere Ministèren, mä wou eigentlech keen Dialog awer stattfënnt, keen Austausch vun Iddië mat de Gemengen, mat deenen déi eigentlech gefrot si ginn am Kader vu der Prozedur. Dat heescht, dat wat am Ufank war virun 1999, an der éischter Phas, wat zum éischte Projet gefouert huet, ass net méi weidergefouert gi bis an deene leschten dräi Joer. Do ass méi eng klassesch, eng statesch Roll vun dem Ministère iwwerholl ginn an dat, fannen ech, ass eigentlech net gutt a ka spéiderhin zu Schwieregkeete féieren.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- De Programme directeur definéiert net d'Ëmsetzung mä definéiert d'Ziler, an déi Ziler, déi sinn haut praktesch identesch mat deenen déi 1999 an d'Prozedur gaange sinn. A fir eis just ze gesinn an ze diskutéieren a Forumen ze organiséieren. Mir hunn e Forum organiséiert fir d'Gemenge beim IVL, fir se anzebauen. Mir hu gesi wéi vill der do waren a wéi vill der net do waren. Just fir eppes ze diskutéieren, eppes op den Ordre du jour ze bréngen. Ech hunn op der Generalversammlung vum SYVICOL praktesch all Joer iwwert déi dote Sujete geschwat. Mir sinn an der Situatioun haut, dass mer datselwecht Dokument hu wéi dat wat an d'Prozedur eragaangen ass, mat Ausnahm vum drëtte Kapitel.

D'politesch Parteien hunn d'ailleurs dëse Programm säit véier Joer, an dofir ass et a mengen Aen och falsch ze soen, d'Chamber hätt nëmmen zéng Deeg Prozedur gehat. All Deputéierten hat véier Joer Zäit an itérative Geleeënheeten, an Diskussioune seng Iddien dozou ze soen. Ech hu festgestallt an deene leschte véier Joer, dass sech mat deenen Objektiver, déi déi viregt Regierung ausgeschafft huet, all Mënsch, an der Theorie op d'mannst, eemol d'accord erkläert huet. Dat huet mech och entbonne fir eppes anescht wéi dat, wat am Projet de loi stong, deen Dir selwer abruecht hutt, dann an der Prozedur virzegesinn.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech kann déi doten Appréciatioun net deelen, well de Problem ass, dass doduerch deen direkte Kontakt net méi stattfonnt huet während véier Joer, iwwert de Programme directeur mat kengem vu den Acteure méi diskutéiert ginn ass. Während véier Joer besteet e Projet Programme directeur. Dir insistéiert selwer op d'Kommunikatiounsstrategie. Ech muss soen, déi Haltung déi d'Regierung ageholl huet, wat déi Mise au point vun der definitiver Versioun vum Programme directeur ugeet, ass am Widdersproch zu deenen eegenen Ambitiounen déi se sech gëtt, wou se seet, mer musse sensibiliséieren a kommunizéieren, dass de Programme directeur net lettre morte bleift, mä dann däerf een, Här Minister, net während véier Joer guer keen direkte Kontakt méi hu mat den Acteuren, déi et herno mussen ëmsetzen iwwert dee Programme directeur.

***(Interruption)***

Ech kennen den ale Programme directeur, mä ech wollt wierklech wëssen: Wat ass d'Meenung vu dëser Regierung iwwert de Programme directeur? Well déi aktualiséiert Versioun, déi kennen ech eréischt zënter zéng Deeg. Net éischter. Déi ass och ni éischter doruechter circuléiert. Déi besteet eréischt zënter zéng Deeg, esou dass ech bei menge Bemierkungen a menge Kriticke bleiwen. Grad wann een e Kapitel bäisetzt iwwert d'Kommunikatioun, iwwert d'Sensibiliséierung, da kann een net véier Joer versträiche loossen, wou een eigentlech net profitéiert vun deene Prozeduren déi lafen, fir dat méi staark hei mat anzebannen.

Dat war am Gesetz net virgesinn, esou wéi och virdrun déi Forumen am Gesetz net dra stinn. Si sinn awer sengerzäit gemaach gi fir einfach emol de Bols ze fillen an ze kucke wat d'Meenung vu den Acteuren ass. Och deemools selbstverständlech war nëmmen e Brochdeel vun de Gemenge representéiert an och nëmmen e Brochdeel vun der sougenannter Zivilgesellschaft, mä et war awer der Méi wäert fir den Effort ze maachen. Ech erlabe mer also hei ze soen, dass et gutt gewiescht wär, wann een deen Effort och während deenen dräi, véier Joer, déi elo vergaange sinn, weidergefouert hätt. Dat géif et méi einfach maachen, dat Produkt, wat aus där Prozedur erauskënnt, un d'Leit ze bréngen. Do ass a mengen Aen dach awer e gewëssene Feeler ënnerlaf.

Ech wëll och inhaltlech e puer Bemierkungen zu deem heiten Text maachen. Den Här Fayot wäert nach op weider Aspekter agoen.

Ech sinn natierlech zefridden, dass u sech déi substanziell Viraarbecht, déi sech iwwer x Joren higezunn huet, vu virun 1999, am Fong berücksichtegt ginn ass an dass also déi grondleeënd Orientéierunge bäibehal gi sinn an deem Text, dee mer elo zënter zéng Deeg kennen.

Dat bestätegt also, dass mer richteg louche mat där Analys, déi sengerzäit gemaach ginn ass am Landesplanungsministère. D'Regierung huet, an dat fannen ech och richteg, profitéiert vun där Zäitspan, déi elo bleift, net fir fundamental nei Iddien eranzehuelen, mä einfach fir eng Aktualiséierung ze maachen opgrond vun där politescher Diskussioun, déi gelaf ass an deene leschte Joren, wou sech erausgestallt huet dass an eenzelnen Domäner, wou vläicht d'Ressortministèrë sengerzäit nach net der Iwwerzeegung waren, dass ee misst iwwert d'Instrumenter vun der Landesplanung aktiv ginn, festgestallt hunn, dass se eigentlech nëmme kënnen nach iwwert d'Instrumenter vun der Landesplanung aktiv ginn, wa se wëlle virukommen.

An engem Punkt awer huet dës Regierung e Broch gemaach an engem Secteurberäich, par rapport zu deem wat am ursprüngleche Projet steet. Dat huet den Innenminister och de Gemengen am Fréijoer 2000 matgedeelt, wéi e se ëm en Avis gefrot huet zu deem Projet de programme directeur. Dat ass wat de BTB-Projet ubelaangt. De BTB-Projet war ausdrécklech festgehalen an der éischter Versioun vum Programme directeur. De Minister Wolter huet opgrond vun de Koalitiounsverhandlungen a vum Regierungsprogramm de Gemenge geschriwwen, si sollten en Avis ginn iwwert de Projet de programme directeur vun 1999 vun der viregter Regierung, deem dës Regierung sech géif uschléissen, mat enger Ausnahm. Dat wär de BTB-Projet, dee wär gestrach aus deem heite Projet.

Ech muss dat natierlech bedaueren, well dat net motivéiert ass. Et seet een einfach, dee Projet ass gestrach. Ech mengen, wat wichteg gewiescht wier, dat ass dass ee motivéiert firwat dee Projet gestrach ginn ass. Wat ass op eemol schlecht un deem Projet, deen nach virun e puer Méint gutt war? An och haut hunn ech eigentlech an deene leschte Joren déi fundamental Motivatioun nach ëmmer net kritt, firwat dass dann de BTB-Projet, wéi en ënnert der viregter Regierung ausgeschafft ginn ass, esou schlecht war, dass en huet misste verstoppt ginn, an engem Kartong placéiert ginn an elo no an no an natierlech stéckerchesweis erëm eng Kéier erausgezu gëtt am Laf vun de leschte Joren.

Mir sinn der Meenung dass e gestrach ginn ass, ouni dass e gläichwäerteg duerch eppes anescht ersat gi wär, och an dësem Programme directeur „Mobilité.lu". Dat ass dat wat hei erakomm ass an dat ass fir eis net de vollwäertegen Ersatz zu deem ale BTB-Projet.

Ech hunn och festgestallt, dass vun där geplangter Lëscht vun de Plans sectoriels e puer zousätzlecher derbäi komm sinn. Et gëtt ewell en Ënnerscheed tëschent primären a secondairë Plans sectoriels. Dat huet awer juristesch keng Répercussioun. Et ass méi fir eng logesch Opdeelung von deem Ganzen ze maachen, an och do gesäit een dass dat eigentlech net aus grousse prinzipiellen Iwwerleeungen ass, firwat op eemol nei Pläng do erakomm sinn, mä well einfach d'Praxis gewisen huet, dass sech Problemer stellen an dass, wann een den Instrumentarium kuckt hei zu Lëtzebuerg fir déi Problemer ze léisen, da praktesch just d'Instrumenter vun der Landesplanung bleiwe fir dat ze maachen.

Dat gëllt fir d'Seveso-Etablissementer, wou a puncto Bartreng et zu enger Ausléisung komm ass, wéi festgestallt ginn ass, dass an de Bebauunspläng vun de Gemengen déi Schutzzone guer net mat integréiert waren. Also gëtt d'Landesplanung beméit erëm anzegräifen, an datselwecht gëllt och fir d'Bauschuttdeponien, wou den Ëmweltministère net méi weess wéi e soll weiderkommen, an da gëtt gesot, mir maachen elo e Plan sectoriel iwwer Bauschuttdeponien, obwuel nach am Ufank vun dëser Mandatsperiod just de Contraire vun deem selwechten deklaréiert ginn ass.

Ech kënnt dann also zesummefaassen, dat ass fir mech keng nei Erkenntnis, mä eng al Erkenntnis, déi nëmme bestätegt gëtt, dass, all Kéiers wann déi eigentlech politesch kompetent Ministèren um Enn sinn a mat engem Problem net fäerdeg ginn, da ruffe se no der Landesplanung. D'Landesplanung als Pompjeeën, dat ass e Bild dat ech kennen aus der Vergaangenheet. Ech hätt mer gewënscht, dass sech do eppes fundamental geännert hätt, mä et ass e laangwierege Prozess an ech hoffen, dass mer endlech aus deem Cliché do och eng Kéier hei zu Lëtzebuerg wäerten erauskommen.

Nei an där méi artikuléierter Form an deem definitive Plang ass den IVL-Projet, wat zwar keng ganz nei Iddi ass. Déi ass och schonn ënnert der viregter Regierungsperiod bei eis am Haus studéiert ginn, wou et Vir-Virstudie ginn zu deem Ganzen an déi elo preziséiert ginn ass, déi och am Regierungsprogramm vun 1999 schonn drasteet, wou ech mer gewënscht hätt, dass vläicht dës Regierung ugefaangen hätt ganz am Ufank déi IVL-Etüden an Optrag ze ginn, anstatt eng Rei vu Virdécisounen am Stroossebauberäich schonn ze huelen an dann doropshin eng IVL-Studie ze greffféieren. Dat wär méi logesch gewiescht an hätt eis eng Rei vu Schwieregkeeten, menger Ansicht no, erspuert, mais il n'est jamais trop tard pour bien faire.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Et ass ëmmer eng Strooss déi virdrun nach geplangt ginn ass. A wa mer nach dräi Joer gewaart hätte mam IVL, da wären nach e puer Stroossen entre-temps nees geplangt ginn. Dir fänkt ëmmer un iergendwann eng Kéier en aneren Usaz ze maachen, Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Et muss ee just kucken, dass nach eng Logik an deem Ganze besteet, an net dass mer d'Konzept herno opbauen op Stroossen, déi scho geplangt si ginn a wou mer eigentlech der Meenung sinn datt se esou net hätten däerfte geplangt ginn. Dat si Konzessiounen, déi ganz schwéier sinn.

Ech mengen, de positive Punkt vun der Landesplanung insgesamt, och wann et e ganz schwieregen a schwéieren ass, ass dee vun den Naturparken, wou een allerdéngs muss bemierken, dass niewent dem Öewersauerpark den Naturpark Ourdall lues virugeet an de Prozeduren, an ech sinn och frou ze héieren, dass et och elo bougéiert am Eck Mëllerdall-Iechternach an dass do nei Initiative kommen, fir op deem Plang virunzekommen. Dat ass, mengen ech, eng gutt Experienz déi sech gewisen huet a wou d'Gesetz vun 1993 iwwert d'Naturparke sech erausgestallt huet als e flott Instrument fir d'Landesplanung am ländleche Raum virun ze dreiwen.

Wou ech net zefridde sinn, mä och do wëll ech keng eesäiteg Scholdzouweisung maachen, dat ass d'regional Zesummenaarbecht. Dat ass fir mech och keng nei Erkenntnis. Sengerzäit, wéi et am Süde lassgaangen ass, war dat och keng Initiativ vun de Südgemengen, dat war eng Initiativ vum Ministère. Mir hu selwer probéiert d'Gemengen zesummenzebréngen, d'Buergermeeschteren zesummenzebréngen, fir se ze insistéieren do zesummenzeschaffen. Dat ass elo ee Beräich, mä et gesäit een, och an deenen anere Beräicher vum Land geet et eigentlech net anescht an dofir mengen ech, dass een do awer vläicht muss ofwäichen. Ech hat viru kuerzem eng Question parlementaire un de Minister gestalt, fir ze froen: Wéi ass et mat de Regionalpläng? De Minister huet mer geäntwert, dat ass eng Affär vun de Gemengen. Do stelle sech fir mech awer eng Rei vu Froen.

Menger Ansicht no mussen déi zwee domat unzéien. A wann d'Gemengen et net maachen, da muss eben de Stat aktiv ginn. Ech weess, dass dee Ministère beileiwe genuch Aarbecht huet, mä ech mengen awer dass et ganz wichteg ass, dass een do elo net eng Scholdzouweisung mécht, deem engen oder deem aneren. Mir brauchen déi regional Zesummenaarbecht, an do wou se vun ënnen erop net spontan entsteet, do mussen Incitatioune geschafe gi vum Stat, fir dass dat kann anescht passéieren.

Ech wëll meng Interventioun kierzen, well ech schonn iwwer eng hallef Stonn hei amgaang sinn ze schwätzen, obwuel de Minister mech während zwou Minutten ënnerbrach huet, wou ech hoffen dass déi mat berücksichtegt ginn.

De Monitoring ass en neie Punkt, dee bäikomm ass, wat ech gutt fannen, mä wou sech fir mech dann awer direkt eng fundamental Fro stellt a wou dës definitiv Versioun, wéi och, dat gestinn ech zou, déi éischt Versioun eigentlech keng Äntwert drop gëtt. Dat ass d'Zesummespill tëschent der nohalteger Entwécklung an der Landesplanung, wou an der éischter Versioun, an déi zweet Versioun iwwerhëlt dat, gesot gëtt, dat eent ënnerstëtzt dat anert. Bon, et kann ee sech domat zefridde ginn. Dat ass e Kompromëss wou kee wahrscheinlech vill jäitzt, mä en fait: Wat heescht dat dann elo awer am Klortext an an der Ëmsetzung, a besonnesch wa mer elo vu Struktur schwätzen? An do muss ech awer dem Minister dann eng kloer Fro stellen.

De Premierminister kënnt heihinner a schwätzt am Numm, huelen ech un, vun der ganzer Regierung, an am leschte Mee seet en eis, de Conseil supérieur vum Aménagement du territoire verschwënnt a mir schafen elo e Conseil supérieur vum Développement durable an den ale Conseil supérieur vum Aménagement du territoire gëtt integréiert.

Vun där Iddi do - ech huelen un dass dat e Projet vun der Regierung ass - fannen ech keng Spur an deem heiten Text. Ech wëll also elo wëssen: Wat ass d'Regierungspolitik? Dat wat de Premier am Numm vun der Regierung am Mee d'lescht Joer deklaréiert huet, oder dat wat hei am Programme directeur vun der ganzer Regierung steet?

Datselwecht gëllt och fir de Monitoring. Well do si mer jo amgaangen elo erëm e Parallelismus opzebauen, esou wéi ech dat e bësse spieren. Ech weess jo och wéi e Stat fonctionnéiert a wéi déi eenzel Ministèrë fonctionnéieren. Ech fannen awer net dass dat gutt ass.

Wou elo u sech d'Fuerderung ass vun deene Leit vun der Nohaltegkeet, déi eigentlech missten datselwecht denke wéi déi Leit vun der Landesplanung. Mä wann déi sech iere bekämpfen, da steet et ganz schlecht fir déi eng a fir déi aner, wou déi eng froen, mir hätte gären en neutraalt, wëssenschaftlecht Institut, wat dee ganzen Nohaltegkeetsprozess begleet, an déi aner iwwert de Programme directeur d'Iddi lancéiere vun engem Observatorium vun der raimlecher Entwécklung.

Ass et dann net méiglech déi zwou Saachen iergendwéi zesummenzebréngen? Musse mer do zwee Instituter, zwee Organismë schafen, déi eigentlech dach awer plus ou moins datselwecht beobachte sollen an deeselwechte Prozess begleede sollen? Ech fannen, dass do nach Klärungsbedarf besteet an deem heiten Text vum Programme directeur. Ech mengen, do geet et drëm, dass kloer vun der Regierung gesot gëtt wat se wëllt, ob se wëllt de Parallelismus bäibehalen oder ob se net wëllt déi zwou Saachen zesummefëieren. Do wëll ech wësse wat d'Regierung wierklech beabsichtegt.

Ech kënnt nach Detailkriticken ubréngen. De Contrat de plan ass eng Iddi, déi nei optaucht an déi ni virdrun diskutéiert ginn ass. Dat bestätegt mech a menger Kritik, dass eigentlech awer hätte missen Diskussioune mat de Gemenge gefouert ginn. De Contrat de plan, deen net am ale Plang dra war, ass eigentlech bis elo zu Lëtzebuerg nach vu kengem regelrecht an d'Diskussioun bruecht ginn. Also wann een esou Iddien an de Programme directeur mat wëllt integréieren, dann diskutéiert ee se wann ech glift virdru mat den Acteuren déi betraff sinn an déi se herno ëmsetze sollen.

Datselwecht gëllt och fir d'Fro vun der Dezentraliséierung. Ech vermëssen hei an deene leschte véier Joer eng kohärent Approche a puncto Dezentraliséierung, Dekonzentratioun, wou au coup par coup décidéiert gëtt no Kritären déi een net kann novollzéien a wou ech mengen dass mer wäit ewech si vun deene flotten Absichten, déi am Programme directeur dra stinn.

Ech schléissen. Fir mech ass dat hei en Dokument mat ambitiéisen Zilsetzungen. Elo geet et drëm, dass mer eis och d'Mëttele gi fir déi Ambitiounen do um Terrain ëmzesetzen. Dat wäert, mengen ech, de sprangende Punkt ginn an deenen nächste Joren. Ech wënschen op jidde Fall deene Leit, déi dat do beim Stat a bei de Gemengen ëmsetze sollen, bonne chance a vill Erfolleg.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Als nächsten ageschriwwene Riedner kënnt elo den Här Calmes. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

M. Emile Calmes *(DP).*- Här President, Dir Dammen, wat ass dat d'Landesplanung?

***(Brouhaha général)***

Ech menge ganz einfach bei der Landesplanung geet et drëm déi zukünfteg Entwécklung vum Land an all sengen Dimensioune virzebereeden, also souwuel demographesch, wirtschaftlech, finanziell, mä och sozial, kulturell a virun allem nohalteg.

De But vun der Landesplanung ass et d'Wuel, den Epanouissement an d'Liewensqualitéit vun all Mënsch nohalteg ze garantéieren. Duerfir mengen ech soll d'Landesplanung an engem Geescht vun nohalteger Entwécklung gesi ginn, well et jo och hei drëm geet den Terrain fir déi zukünfteg Generatioune virzebereeden. Zumools an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg mat enger begrenzter Surface a senge begrenzte Mëttelen, engem Land dat vu senger Ubannung un den europäeschen an den internationale Maart ofhänkt, mengen ech, ass d'Landesplanung ganz wichteg.

D'Landesplanung muss global, demokratesch a funktionell sinn a virausschauend funktionéieren. Dat présupposéiert e gewëssene Voluntarismus iwwert d'Zäit eraus. Voluntarismus heescht also net Autoritarismus, fir d'Landesplanung vun uewen erof duerchzesetzen, mä e gemeinsaamt Engagement am Respekt vun der Demokratie.

D'Fro ass also wéi mer et fäerdeg brénge fir den Equiliber ze fannen…

***(Interruptions diverses)***

…zwëschent deene verschiddenen Aspekter, déi d'Landesplanung ausmaachen, an d'Complémentaritéit vun allen Acteuren am Sënn vum Aménagement spillen ze loossen.

Nun, wéi brénge mer dat fäerdeg fir de gemeinnützegen Intérêt mat de Partikularinteressen hei ze vereenbaren? Wat brauche mer duerfir a wie mécht dat eigentlech? Eigentlech bräichte mer e Landesplanungsministère op där enger Säit a mer bräichten och e Gesetz fir Landesplanung ze maachen, e Gesetz wat dann och de Programme directeur beinhalt.

D'Landesplanung ënnerstung déi éischt Jore wéi se an d'Liewe geruff war dem Statsminister. Duerno war se eng Zäit am Finanzministère ënnerbruecht. Duerno koum se erëm bei de Statsministère fir eng Partie Perioden. Schlussendlech krut se 1989 en eegene Ministère, zesumme mam Ëmweltministère, deen da bis 1999 existéiert huet. Vun 1999 u gëtt et kee Landesplanungsministère méi, mä dës Fonctioun huet den Innenminister iwwerholl.

D'Fro stellt sech och, ob een iwwerhaapt e Landesplanungsministère braucht fir Landesplanung ze maachen? Wann een an d'Vergaangenheet kuckt vun deene leschten zéng Joer, da stellt ee sech d'Fro, ob een eigentlech ee braucht. Wann een de Bilan zitt vun deem wat an deene leschten zéng Joer geschitt ass, da muss een dem Minister iewer guttschreiwen, datt hien e gutt Gesetz gemaach huet, e Gesetz mat Reserven. E Gesetz kann natierlech ëmmer besser si wéi et ass, dat ass ganz sécher, mä ech mengen et ass en Outil mat deem een eppes maache kann. Et muss een awer och soen, datt ee ganz laang Zäit gebraucht huet fir dat Gesetz do ze maachen.

Fir d'éischt ass 1986 driwwer diskutéiert ginn, dat Gesetz vu '74 nei ze maachen. Richteg a Schwonk koum et dunn, mengen ech, 1993, an et war den Här Scheuer deen als Rapporteur, kuerz virun de Wahlen 1999, dat neit Gesetz presentéiere konnt.

***(Interruption)***

Um Programme directeur ass och laang geschafft ginn. Bal zéng Joer, wou et e Landesplanungsministère ginn ass, sinn duer gaang fir dee Programme directeur opzestellen. Wann elo net méi geschitt ass, da muss een awer net onbedéngt dem Landesplanungsministère e Virworf maachen, datt net méi geschitt. Ech menge mir wëssen alleguer, datt de Landesplanungsministère ëmmer nëmmen dat mécht wat déi aner him erlaben ze maachen. Hien huet wuel déi koordinéierend Funktioun fir Landesplanung ze maachen, mä hien ass awer do op seng Mataarbechter an der Regierung ugewisen. Mir wësse jo och, dass de Sujet vun der Landesplanung ganz sécher de Kolleegen net alleguer no läit.

Nun, wat d'Gesetz ugeet, esou ass hei ënnerstrach ginn, datt mer et hei mat engem Gesetz ze dinn hunn, wat a sech gutt ass. Mir haten dat Gesetz deemools net gestëmmt, mä eis dobäi enthalen. Ech ka mech nach erënneren, datt et hätt kënne besser sinn, mä ech mengen net, datt dat deemools un eis geleeën huet. Och un dat kann ech mech erënneren.

***(Interruption)***

Mir haten deemools zum Beispill proposéiert, datt een all déi Gesetzer, déi mat Landes- a Gemengeplanung ze dinn hunn, soll an engem Gesetz zesummen huelen.

***(Interruption)***

D'Kompetenze si jo elo emol an engem Ministère, dat ass jo alt schonn emol gutt. Ech mengen och, dass dat net si muss fir Landesplanung ze maachen. Et hätt een awer zum Beispill kënnen déi Dispositioune vum Bebauungsplang, Här Bodry, deemools oprechterhalen, déi d'Gemengen u sech forcéiert hunn e Bebauungsplang ze maachen. Momentan si mer nämlech an engem juristesch loftleere Raum, wou et a sech kee Gesetz méi gëtt wat de Gemengen e Bebauungsplang virschreift, och wann den Innenminister d'37er Gesetz kéint maltraitéire fir dat esou ze maachen, mä prinzipiell hu mer kee Gesetz méi wat de Gemengen e Bebauungsplang virschreift.

Et gi Gemengen déi momentan kee Bebauungsplang hunn. Ech hat lech deemools déi Propositioun gemaach. Dat 37er Gesetz ass an Ausaarbechtung an dat wäert jo alt geschwë kommen. Mir wäerten dee juristesche Leerraum duerfir jo och nach fir déi Zäit iwwerwonne kréien.

Mir haten deemools als Demokratesch Partei och en Interventiounsfong gefrot, fir a sech dem Landesplanungsministère et ze erlabe konkret aktiv kënnen ze sinn. Deemools ass dat net zur Diskussioun komm, well keng…

***(Interruption)***

Mir kënnen et erëm froen. An der Tëschenzäit freet jiddfereen dat a jiddfereen ass därselwechter Meenung, datt een awer finanziell intervenéiere muss fir an deem Secteur hei virun ze kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu engem gewëssene Moment war ech mer elo net méi sécher a wat fir enger Diskussioun datt mer wären, ob mer am Kader vum Artikel 5.3 wären, wou de Programme directeur hei soll virgestallt ginn, oder ob mer am Artikel 3.4 wären, beim Rapport, deen all Joer iwwert d'Landesplanung soll stattfannen. Mir sinn elo bei deenen zwee Artikelen, an ech mengen och net datt een déi zwou Debatte vuneneen trenne kann.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Wat de Programme directeur ugeet, mengen ech, gëtt et keng Partei heibannen, déi dee gréisstendeels a Fro stellt. Et war déi lescht Regierung, d'CSV-LSAP-Regierung, déi dee Programme directeur opgestallt huet, an ech ka mech als Buergermeeschter nach un déi Consultatiounen erënneren, déi am Virfeld gefouert gi sinn.

Mir ware sengerzäit zu Ënsber zesummegeruff ginn. Deemools hu mir als Vertrieder vum Syndicat vum Réidener Kanton, wéi och als Vertrieder vum Naturpark Öewersauer gefrot, datt eng Regioun Weste kënnt. Am ursprüngleche Projet waren nëmme fënnef Regiounen dra virgesinn, wat beweist datt d'Diskussioune mat de Gemengen awer zu positive Resultater op d'mannst och fir si kënne féieren. Ech mengen och net, datt d'Tatsaach, datt mer dee Programme directeur zéng Deeg hei kennen, eis kéint dovun ofhalen heiriwwer ze schwätzen.

Ech hu mech e bëssen amüséiert dat ze liesen an unzekräizen, wat nei ass. Ech hunn net alles fonnt, mä dat wat nei ass am definitive Programme directeur sinn déi sougenannt Contrats de développement zu enger Säit an dann och déi Modalitéite fir d'Sensibiliséierung virunzedreiwen, an da selbstverständlech datt en aktualiséiert ginn ass wat déi Plans sectoriels ugeet. Pour le reste muss een awer soen, datt et eng Copie conforme ass vun deem wat 1999 scho bestanen huet. Dat éiert Iech.

Et muss een och soen dass, wann een dat do liest, et am Fong geholl zur Impressioun kënnt, datt een do de Fësch am Waasser ersäift. Ech si mer eréischt bewosst ginn, datt een eigentlech datselwecht gemaach huet bei der Debatt iwwert d'Nohaltegkeet, wou och bal alles dran ass, wat wierklech och alles esou komplett ass, datt bal keen déi Pläng a Programmer do iwwerhaapt kann a Fro stellen.

Well alles wat do dra steet ass Wonschdenken, ass literarescht Wonschdenken, a géife mer dat esou ëmsetze wéi et dra steet, da bräicht et engem net baang ze si fir d'Zukunft. Dat kënnt nëmmen d'Idealbild si vun engem Land, an dofir, mengen ech, ass et kaum méiglech, datt mer iwwert d'Ziler gréisser Differenzen hunn. Mä et geet jo net nëmmen drëm dat, wat an dem Programme directeur steet, gutt ze fannen, et geet jo virun allem drëm fir dat, wat dra steet, ëmzesetzen. Dat heescht déi Pläng ze maachen, déi mer eis do virgeholl hunn ze maachen, awer se net nëmmen ze maachen, mä se virun allem ëmzesetzen.

D'Architektur vun der Landesplanung zu Lëtzebuerg ass gemaach an et geet a sech elo drëm d'Bauhären ze fannen, d'Entrepreneuren ze fannen, fir dat ëmzesetzen. D'Bauhären an deem Fall hei, dat ass op där enger Säit d'Regierung selbstverständlech, mä et sinn awer virun allem d'Gemengen, esouwuel um lokalen Niveau, awer och um interkommunalen Niveau, respektiv regionalen Niveau, wéi mer dat dann hei wëllen am Land nennen, obscho mer hei jo awer net vu Groussregioune kënne schwätzen. Ech menge schonn datt déi Regierung hei de Mérite dach awer huet, datt se op d'mannst an hirer Aarbecht, bei der Opstellung vun de sektorielle Pläng, jo awer trotzdeem gutt viru komm ass, sektoriell Pläng déi d'Basis si fir dat praktescht Ëmsetzen. Richteg ass och, wéi den Här Bodry hei seet, datt déi Pläng oft hannendru lafen. Et wier besser se géife virdru gemaach ginn an d'Regierung hätt se haut kënnten opsetzen, mä dat schéngt an der Traditioun vun der Landesplanung ze leien, datt déi oft muss Pompjee spillen. Ech mengen, datt awer an de positive Bilan een dat integratiivt Verkéiers- a Landeskonzept kann ophuelen, dat d'Basis fir eng global, kohärent an integréiert Approche fir déi zukünfteg Entwécklung vum Land soll stellen. D'Resultater vun der Evaluatioun vun dësem Plang, dee jo deemnächst wäert virgestallt ginn, wäerte ganz vill zu der zukünfteger Ausriichtung vun der Landesplanung bäidroen.

Déi verschidde Plans sectoriels sinn dann elo opgedeelt a primärer a secondairer. Bei deene Primäre sinn den Transport, de Logement an d'Erhalung vun de grands ensembles paysagers a forestiers an der Ausaarbechtung. Wou mer am wäitste fortgeschratt sinn ass natierlech dee vum Transport.

Wat elo déi sektoriell sekundär Pläng ugeet, ass de Plan sectoriel lycées fäerdeg, deen iwwert d'GSM-Antennen. Deen iwwert d'Deponien ass an der Ausaarbechtung, grad esou wéi deen iwwert d'Seveso-Etablissementer a selbstverständlech och dee Plan d'occupation du sol, deen den Aménagementsplang vum Findel soll ersetzen.

E Plang deen ech net méi hei erëmfonnt hunn - ech weess net ob dat een Oubli ass - ass de Plang iwwert d'Habitats- an d'Vullendirektiv, wou mer amgaang sinn an der Ëmweltkommissioun op deem Gesetz ze schaffe wat d'Naturschutzgesetz ugeet a wou et ëm d'Erstelle vun engem europäeschen Naturschutz-Réseau „Natura 2000" geet. Ech hunn deen net méi am aktualiséierte Programme directeur erëmfonnt. Ech weess net, ob deen elo an een anere Plang integréiert gouf oder wat mat deem a sech geschitt ass.

Bon, ech hunn elo gesot datt déi sektoriell Pläng viru komm sinn. Richteg ass, datt mer och hei am Land e bësschen ënner Drock komm sinn, well mer ganz oft bei den öffentleche Projeten, awer net eleng do mä a ganz villen anere Beräicher, riskéiere paralyséiert ze ginn, fir nëmmen de Bauschutt ze nennen oder och d'GSM-Antennen. Et wier effektiv besser déi Pläng géifen am Virfeld gemaach ginn, wann esou Décisioune geholl ginn, ier mer der Saach dann ëmmer hannendru lafen.

D'Tatsaach, datt wa mer elo awer esou sektoriell Pläng hunn, wëllt och net bedeiten a gëtt eis och keng Garantien, datt et elo méi séier virugeet an datt elo alles méi séier ëmgesat gëtt. D'Beispill vun de Lycéeën ergëtt sech do eraus. Mir hunn elo de Plan sectoriel lycées - déi Aarbecht ass gutt gemaach -, deen eis seet wou déi Lycéeën hikommen. Mä ob déi Lycéeën dann elo ganz séier gebaut kënne ginn op där Plaz wou se elo geplangt si ginn, dat sief emol dohinner gestallt.

Zu Réiden schéngt dat mer jo kee Problem ze sinn, well d'Gemenge sech alleguer eens waren an d'Gemeng am Besëtz vum Terrain ass, obschonn och elo do Problemer si mat der Zoufahrtsstrooss zu deem Lycée, déi awer ze contournéiere sinn, wann een den Terrain niewendrun hëlt. Mä virun allem zu Ierpeldeng ass e Lycée geplangt, wou eng relativ kuriéis Situatioun ass, wou a sech d'Leit déi do wunne sech mat de Propriétairë vum Terrain zesumme gedoen hunn, fir géint dee Lycée ze opposéieren.

Datselwecht, mengen ech, gëllt fir d'Bauschuttdeponien. Mir kënnen och e sektorielle Plang iwwert d'Bauschuttdeponië maachen, dann hu mer nach ëmmer keng Bauschuttdeponien. Et misst een duerno awer och vläicht Plans d'occupation du sol maachen, fir einfach e Recht op den Terrain ze kréien. Souwisou, wa mer Bauschuttdeponien ausweisen, an och Lycéeën, an d'Gemenge sinn domat d'accord, dann ass dat awer d'Rechnung ouni de Wiert gemaach, an deem Sënn datt do dernieft och nach eng Partie Verwaltunge mat schwätze fir esou Projeten ze autoriséieren. Do kann et jo awer och emol virkommen, datt déi eng Verwaltung déi aner am Ree stoe léisst.

Ech kann Iech e Beispill ginn. 1991 huet eise Gemengenrot sech positiv ausgesprach fir an de Carrières Feidt eng Bauschuttdeponie ze kréien. Déi Bauschuttdeponie géif 15 Milliounen Tonne Bauschutt kënnen ophuelen. Dat géif duer goen - mir solle jo op laang Siicht kucken - fir aus eiser Géigend de Bauschutt iwwer 100 Joer do dran ze féieren. Dat wier absolut kee Problem. Zënter 1991 hu mir eis gemellt, ënnert gewësse Conditiounen. Ech kann Iech just soen, datt bis ewell déi Saach net vu Succès gekréint ass. Ech kann och soen, datt et net un der Gemeng läit. Ech hoffe just, dass mer awer mat deem Projet kënne virufueren. Hei maachen ech kee Reproche eleng un dës Regierung, mä awer och un déi virdrun, well et leeft ganz genau vun 1991 un.

Ech wëll Iech just soen, datt déi sektoriell Pläng net onbedingt eng Garantie ginn, datt mer mat eise Projete virukommen. Op där enger Säit sinn et d'Verwaltungen, mä et ass och e Problem vun Terrain. A wann een d'Uerteeler kuckt, déi a leschter Zäit gesprach si ginn, wat d'Expropriatiounsgesetz ugeet, da musse mer eis awer schonn eng afale loosse fir un den Terrain ze kommen, fir da Projete vun allgemengem Notzen awer och kënnen ze realiséieren. Trotzdeem ass et positiv, datt mer an déi konkret Phas vun der Landesplanung komm sinn, wat de Regierungsniveau ugeet.

Op där anerer Säit, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, awer si mer méi wäit hannendra wat d'Ëmsetzung vun de Regionalpläng ugeet, déi jo awer a sech d'Schlësselelement vun der Ëmsetzung vun der Landesplanung solle sinn. Et kann een der Regierung net onbedingt e Reproche hei maachen. Leider musse mer awer feststellen, datt vun deene sechs Regionalpläng, déi am Gespréich sinn, déi alleguer net iwwert de Stadium vun der informeller regionaler Konferenz erauskomm sinn, wou mer amgaang sinn d'Analys „forces-faiblesses" ze maachen.

Firwat ass dat esou? Wann ech soen datt d'Regierung net duerfir verantwortlech ka gemaach ginn, da kann et jo nëmmen op där anerer Säit leien, dat heescht bei de Gemengen. Ech mengen emol, datt eng vun den Ursaache ganz einfach déi ass, datt déi Gemengevertrieder, déi oft hirem Job jo nach mussen nogoen - an déi Diskussioun hate mer jo nach där Deeg elo an der zoustänneger Kommissioun -, datt déi einfach keng Zäit hu fir nieft deem Job, an deem dee se hu fir sech mat hirer Gemeng auserneen ze setzen, och nach Landesplanung derbäi ze maachen. Et muss een nämlech wëssen, datt déi Leit fir déi Aufgab a Syndikater kee Congé politique hunn.

Dat werft déi Diskussioun op, déi ech natierlech hei elo net wëll opwerfen, mä et muss ee wëssen datt déi Stonnen, déi de Buergermeeschter, d'Schäffen an d'Conseillere kréien, geduecht si fir d'Gemeng ze féieren an net geduecht si fir sech regionalen Aufgaben hinzeginn. Ech mengen dat ass e seriöe Problem.

Awer ganz sécher läit et och um polititesche Wëllen. An der Praxis gesi mer dat iwwerall. Net jiddferee wëllt mat sengem Noper zesummeschaffen. Et gëtt der och, déi ganz flott zesummeschaffen. Mir hunn déi Erfahrung selwer gemaach, wou dann op eemol een ufänkt an d'Zopp ze späitzen, wann ee just gutt amgaang ass ze schaffen. Op där anerer Säit, mengen ech, ass eng weider Ursaach déi, datt et un der néideger Attraktivitéit vun der Iddi oft bei de Gemengen u sech happert. Dobäi wësse mer, an dat widderhuele mer jo och ëmmer, dass d'Gemenge selwer vun der Néidegkeet vun der Aktioun op regionalem Niveau iwwerzeegt sinn.

Ech mengen och net, dass grad ewéi d'sektoriell Pläng déi regional Pläng eis géifen d'Garantie ginn, datt dann op eemol awer eppes geschitt. Mäi Virriedner, den Här Schank, huet dat hei ugesprach. An enger Partie Géigende fonctionnéiert och déi regional Zesummenaarbecht, ouni datt e regionale Plang do ass. Et wonnert mech a sech datt an dem Programme directeur eng Partie Initiativen awer net genannt si ginn, nämlech déi déi am Klierfer Kanton fonctionnéiert an och déi déi am Réidener Kanton fonctionnéiert. Ech géif soen, dat wier een Oubli a sech am Programme directeur, datt dat do net erwähnt ginn ass.

Op där anerer Säit sinn ech frou, datt d'Iddi vum Naturpark dran erëmfonnt ginn ass, wat a sech déiselwecht Iddi ass, nämlech sech mat der regionaler Planung ze beschäftegen, sech Gedanken doriwwer ze maachen an déi dann och ëmzesetzen.

Et gëtt da gesot, jo, et ass keen do deen dat mécht. Mä ech hu mech emol e bëssen ameséiert an de Statuten nozeliese vun eisem Syndicat à vocation multiple vum Réidener Kanton, an ech géif mengen, dat wieren déiselwecht wéi déi vum Klierfer Kanton. Ech géif esouguer mengen, mir hätte se do ofgeschriwwen, mä wann ech Iech einfach emol nëmme soe wat den Zweck vun eisem Syndikat ass, dat si sechs Artikelen, ech liesen Iech dat just vir:

D'Attraktivitéit vum Kanton Réiden, dat heescht vum Westen, wat jo d'Westregioun ass zesumme mam Naturpark, duerch d'Verbessere vun der Liewensqualitéit opwäerten, déi handwierklech, geschäftlech a landwirtschaftlech Aktivitéiten ze erhalen, d'Gebitter Wirtschaft, Soziales, Kultur, Erzéiung, Tourismus an esou weider virun ze entwéckelen, dat Ganzt am Respekt mat der Ëmwelt, un allen öffentlechen a privaten Initiative matzeschaffen, déi eise gesaten Ziler entspriechen, eis direkt oder indirekt ëm all Problemer vun öffentlechem Notzen ze bekëmmeren an dann dëse Projet, mat enger fairer Politik, um nationalen, regionalen a kommunale Plang a géigesäitegem Respekt vun Ekologie an Ekonomie realiséieren.

Ech mengen, dat gëtt jo awer déi Iddien erëm, déi een och am Programme directeur erëmfënnt an déi mer eis selwer an d'Statuten eragesat hunn, ouni dofir mussen e regionale Plang ze maachen.

Mir gehéieren zu der Regioun Westen, déi a sech néierens ernimmt gëtt. Ech mengen, et ass awer just dës Regioun, déi jo och op eis eegen Initiativ zustane komm ass, wou mer am wäitste fort sinn, zesumme mam Naturpark, d'Syndikater vun der Uewersauer a mir wäerten eis dat och net soe loossen, an ech maachen de mea culpa, datt mer eis den 21. Abrëll versichen ze gesinn, wéi och de Start vum Regionalplang Westen dann ze ginn a fir dat dann ze harmoniséieren, wat mer u sech an där Géigend gemaach hunn.

Et bleift ee Problem, dat ass dee vum Finanzement.

***(Interruption)***

Ma ech hunn deen Datum zesumme mat Iech fixéiert, Här Gira, mam Här Schank a mam Här Loes.

***(Interruptions diverses)***

Et muss jo awer emol een d'Datume fixéieren, well soss komme mer jo awer net virun.

***(Interruption)***

Dëst gesot, mengen ech, muss dat Ganzt awer och vum Ministère finanziell begleet ginn. Dat ass e wichtege Volet, et ass elo en neit Element.

***(Interruptions)***

Ech wëll Iech just soen, Här President, datt mer bis elo net dorop gewaart hu fir kënnen ze schaffen. Dat wat mer bis elo gemaach hunn, hu mer aus eegene Mëttele bis elo konnte maachen, selbstverständlech mat deenen Hëllefen, déi mer souwisou zegutt hunn. Et ass awer net datt mer fir déi Iddi hei, par contre zum Naturpark Öewersauer, elo speziell entlount gi wieren. Den Naturpark gëtt jo ënnerstëtzt opgrond vun engem Naturschutzgesetz. Mir hu kee Gesetz brauchen ze maache fir déi interkommunal Zesummenaarbecht ze maachen. Dee Reproche brauch ech mer also net gefalen ze loossen. Trotzdeem ass et net schlecht wann d'Gemenge finanziell ënnerstëtzt ginn, fir dora virun ze kommen.

Eng Iddi ass déi vum Contrat développement, déi et am Frankräich scho méi laang gëtt an der Form vun engem Contrat plan. Bon, fir an där Saach hei virun ze kommen, ass e Cofinanzementssystem gemaach ginn, iwwert dee sech ganz sécher diskutéiere léisst. Ech weess allerdéngs net ob mer dee brauche fir virun ze kommen. De Modell vum Naturpark huet eis och en anere ginn, an deem Sënn datt ee kéint Syndicats à vocation multiple grënnen, déi dann de Caractère mixte hunn, dat heescht e Syndikat wou dann och am Comité Vertrieder vum Stat mengetwege kënne vertruede sinn, déi een dann iwwer e Landesplanungsinterventiounsfong sécher kënnt ënnerstëtzen. Ech mengen net datt een esou Kontrakter muss hunn. Ech schléissen dat awer och net aus.

Wéi kann een u sech relativ séier virukommen, fir deene Gemengen, déi um regionalen Niveau zesumme schaffen, virun ze hëllefen? Do kënnt ee mengetwegen d'Budgetsgesetz huelen an am Kader vum Fonds communal de dotation financière versichen eng nei Opdeelung ze maachen an do deen een oder anere Prozent emol deene Gemengen zoukomme loossen, déi sech awer op d'mannst d'Méi maachen zesummen ze schaffen.

***(Interruptions diverses)***

Ech schwätzen elo net hei vun alles ewechhuelen. Ech mengen, wa mer gäre Landesplanung maache mat de Gemengen zesummen, da kann et net esou sinn datt all Gemeng awer an hirem Eck mécht wat se wëllt. A wann de Minister keng Méiglechkeet huet déi eng oder aner Gemeng ze penaliséieren, da muss en d'Politique de la carotte et du bâton eben aféieren an déi Gemengen, déi déi Politik matmaachen, mussen ënnerstëtzt ginn. Et kann net anescht goen, fir dat och kloer ze maachen.

Fir datt d'Gemenge kënnen zesumme schaffen, musse se awer och d'Flexibilitéit hunn zesummen ze schaffen. Wa se wëlle Projeten zesumme maachen um Syndikatsniveau, da musse se och e bësse fräi si fir dat kënnen ze maachen.

Or, an de Minister weess dat, ech gesinn net an datt momentan d'Gesetz iwwert d'Gemengesyndikater eis déi Flexibilitéiten erlaabt. Ech mengen, hie selwer weess dat an huet an deenen zwee Joer, wou dat Gesetz elo besteet, awer d'Erfahrunge matgemaach, datt de Kader einfach ze streng ass fir hei kënne flott ze schaffen. Ech ginn Iech eng Partie Beispiller vun der wirtschaftlecher Diversifikatioun.

Zum Beispill geet e Syndikat hin a mécht eng Industriezon oder mécht eng Pépinière d'entreprise, wat mer jo elo am Klierfer Kanton an am Réidener Kanton gemaach hunn. Dat ass e Projet, dee kascht 40 Milliounen. D'Gesetz gesäit vir, datt ee fir déi 40 Millioune muss Apport en capital brëngen. Or, déi Hal, déi gëtt viru verlount, respektiv herno verkaaft no fënnef Joer. Dat heescht, déi 40 Millioune muss een opbréngen an et ass ee sécher datt een no sechs Joer d'Geld erëm eran huet. Do misst d'Gesetz, menger Meenung no, erlaben, datt een entweder en Emprunt kënnt maachen oder wann een dat net wëllt maachen, da muss een awer menger Meenung no eng Ouverture de crédit kënne maachen, well et weess ee jo datt dat Geld do kann iwwer Recetten ofbezuelt ginn. A do kann ech Iech just soen, Här Minister, dat ass momentan net einfach, an ech mengen awer datt mer do déi gewësse Flexibilitéit musse kréien.

Dat selwecht gëllt bei den Industriezonen, wou mir jo musse 15% vun de Gelder virstrecken a sech, well mer jo herno erëm déi Terrainë verkafen an iwwert de Verkaf vun deenen Terrainen, iwwer Konzessiounsverträg erëm déi 15% erakommen. An ech mengen datt ee sech do awer muss eng gewësse Flexibilitéit ginn, am anere Fall dat do net ka fonctionnéieren.

Ech hunn elo nëmmen ee Beispill ginn, mä et ginn där Beispiller eng ganz Partie, an dofir mengen ech, wann ech ka begréissen datt Der op där enger Säit bei der Landesplanung als Minister, deen déi zwee Domäner ënner sech huet, souwuel d'Landesplanung wéi och d'Gemengen, kann een net op net där enger Säit op de Gas drécke fir an der Landesplanung virun ze kommen an op där anerer Säit op d'Brems, an ech mengen d'Erfahrunge vun de leschte Joren hunn awer erginn, datt mer eis emol mussen iwwert déi Gesetzgebung, net nëmme vun de Syndikatsgesetzer, mä och vun de Gemengen - a mir kréie jo elo deemnächst d'Geleeënheet hei an der Chamber - seriö ënnerhalen. Ech mengen, do muss opgemaach ginn, well soss komme mer ganz sécher net virun.

Wéi gesot, ech sinn och der Meenung, datt wann d'Gemenge sollen nei Kompetenze kréien an datt wa se och nei Finanze solle kréien, da kréie se och e Sak Responsabilitéit mat. Et kann net sinn datt d'Gemengen d'Finanze kréien an duerno d'Responsabilitéit net wëllen iwwerhuelen an och net dat zu deem se sech engagéiert hu wëllen ëmsetzen. Dat geet net. Dofir, mengen ech, muss de Minister awer scho seng Tutelle an där Saach hei behalen a fir d'Koordinatioun vun der Landesplanung am öffentlechen Intérêt suergen. De Laissez-faire, wéi dat elo grad hei ugeklongen ass, ka sécher net gëllen. Et muss e gewëssene Spillraum gëllen, mä dat Ganzt muss awer e bësse gëuerdnet iwwert d'Bühn goen. Den Aménagement du territoire muss am Konsens tëschent de Gemengen an dem Stat gemaach ginn. Konsens heescht selbstverständlech och Kompromësser, Kompromësser vun uewen, awer och Kompromësser vun ënnen. An déi Kompromësser schléissen awer, mengen ech, och oft kee politesche Choix aus.

Elo war ech bal an der Diskussioun iwwert d'Kompetenzverdeelung tëschent Stat a Gemengen. An der zoustänneger Kommissioun hu mer selwer erausfonnt, datt dat ganz no beiënee läit. Ech versichen also elo opzehalen, well ech soss an där Diskussioun dra sinn.

Déi Diskussioun wäerte mer jo am Mee hunn. Mir sinn elo amgaang se ze preparéieren. Do kënne mer dann déi Diskussioun viruféieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wollt ech nach soen, datt den Aménagement du territoire e schwéieren Exercice ass, dee stänneg muss nei ausgeriicht ginn, well d'Donnéeën, op deenen e baséiert, sech relativ schnell veränneren a mir oft mat veränneren, emol net nokommen, esou séier verännert sech och villes wat hei am Programme directeur steet, riskéiert fir relativ schnell depasséiert ze sinn. Dofir kann een hei net vu Planwirtschaft schwätzen, esou wéi de Minister dat jo och hei virdru gesot huet.

Ech soen och duerfir mat Absicht, datt et kee Plan national de développement méi ass, sou wéi et virdrun de Fall war, mä datt et ee Programm ass, an ee Programm dee permanent muss kënnen adaptéiert ginn. Et ass och esou datt dee Programm hei muss ofgestëmmt gi mat dem Plang vun der nohalteger Entwécklung. Wie wat elo do mécht, ass am Fong geholl egal, wann d'Iddi géif respektéiert ginn.

Et ass jo zu engem gewëssene Moment gemengt ginn, den Aménagement du territoire soll eriwwer kommen an de Conseil supérieur du développement durable - a selwer weess ech net, wéi wäit datt mer domat sinn. Mä u sech kéint ee sech d'Fro stellen, firwat datt een de Conseil économique et social net mam Sujet vum Développement durable befaasst. Dann hätte mer déi dräi Iddien, déi vun der Wirtschaft, vun dem Sozialen a vun der Ëmwelt, an engem Gremium an ech mengen, dat géif net manner Sënn maache wéi iergendeppes aneschters.

Dir Dammen an Dir Hären, den Aménagement du territoire ass keng exakt Wëssenschaft, well et oft anescht kënnt wéi een et plangt. An iergendwou hunn ech mol gelies, datt et mat Chimie ze vergläichen ass. Et ass u sech en Experiment wat een a sech mécht, wou een déi richteg Formel muss huelen, dat heescht déi richteg Mëschung muss beienee maachen, fir datt eppes Positives dobäi eraus kënnt, am anere Fall kéint et och negativ Wierkungen hunn.

Ech menge mat dësem Programme directeur ass den Ufank gemaach. D'Iddie leien um Dësch. Loosse mer elo versichen dat Ganzt ëmzesetzen. An deem Sënn soen ech Iech merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, ech fille mech haut net esou richteg wuel wann ech hei schwätzen. Während op enger anerer Plaz vun dëser Welt Bommen op onschëlleg Leit erofgeheit ginn, ass et net grad evident fir iwwer eis Problemer hei ze schwätzen.

Mä ech wëll mech awer zum Thema elo zréckbewegen a mat engem Zitat ufänken: „Mir hunn dës Welt net vun eise Pappe geierft, mä mir hu se nëmme vun eise Kanner geléint." Dat ass en Zitat wat eis kloer seet, fir wie mer dann d'Verantwortung ze droen hunn, wa mer eis mat der Landesplanung an domadder automatesch mat den Zukunftsperspektive vun eise Kanner beschäftegen. Dëst Verantwortungsbewosstsein geet och zum Deel aus de Visioune vum neie Programme directeur am Zesummenhang mam Aménagement du territoire eraus.

Ech mengen et ass wichteg, dass de Partikularegoismus, wa mer wëllen eng kohärent Landesplanung maachen, muss am Hannergrond verschwannen. Dem ADR seng Visiounen iwwer Landesplanung si säit jee hier vun engem nohaltegen Denken an Handelen dirigéiert. Nohalteg am Sënn vu Liewensqualitéit, nohalteg am Sënn vu Bewegungsfräiheet, nohalteg am Recht op Wunnen, am Recht op Bildung, Aarbecht, Ëmwelt an esou weider.

Wann ech dës Theme vun Nohaltegkeet uschwätzen, sou geschitt dat besonnesch am Kader vum mënschleche Potenzial, dee mer hei am Land hunn. Mir duerfen net vergiessen, dass eis Bevölkerung engem permanente Wandel ënnerläit an datt mer säit Ufank vun eiser Industrialiséierung en Awanderungsland gi sinn. Dëst wäert sech och mat der Ost-Erweiderung vun der EU nach weider steigeren an eis Integratiounsfäegkeet virun eng grouss Erausfuerderung stellen.

Wa mer also vu Landesplanung schwätzen, da musse mer dësem Phenomeen Rechnung droen, an och deenen zirka 80.000 Pendler aus der Groussregioun, déi all Dag heihinner schaffe kommen an ouni déi eis Wirtschaft net funktiounsfäeg wier, an och duerch Rezessioun, déi elo am Raum steet, wäert dëse Pendlerundrang sech och net verringeren.

Här President, d'Landesplanung an d'Bautepolitik stellt deemno héich Ufuerdungen u wäitsichtegem Virausdenken a -Plangen, woubäi déi zukünfteg Entwécklung vum Land, de Bedarf un Infrastrukturen, déi dezentraliséiert Verdeelung vun öffentlechen Infrastrukturen an, net ze vergiessen, déi harmonesch Entwécklung vun alle Regiounen ze beuechten ass.

Eisen Territoire ass mat sengen 2.586 km² zimlech begrenzt. Mat 173 Awunner pro km² gehéiert Lëtzebuerg elo schonn zu deene méi dichtbesiddelste Staten an der EU. Eng weider Bevölkerungsexplosioun géif sech deemzufolleg negativ auswierken op déi natierlech Ëmwelt an domadder automatesch op d'Liewensqualitéit. D'Landesplanung muss sech also un éischter Stell am Kader vun enger dezenter Bevölkerungsentwécklung bewegen an deemno och seng Konzepter ausrichten.

Eisen Territoire huet 258.636 Hektar, déi sech opdeelen op 49,5% fir Landwirtschafts- a Wäibau, 34,3% op Bëscher, 0,38% op Waasserflächen a 16,07% op Uertschaften a Stroossen.

Déi héich Bautätegkeet aus deene vergaangene Joren huet dozou gefouert, datt ganz vill Land verbaut a versigelt ginn ass. D'Landesplanung, an dat schéngt och kloer aus dem Programme directeur ervir ze goen, muss konkret Moossnamen aleeden, fir vill méi suergsam mam Rohstoff Naturfläch ëmzegoen. Et misst deemzufolleg spuersam ëmgaange gi mam Bauland, enger méi konsequenter Notzung vun Altbauten a Frichen, a méi a Richtung vun enger manner flächenzehrender Bauweis optéiert ginn. Dëst soll awer net a Form vu Versigelungssteieren an d'Wee geleet ginn, mä mat enger kohärenter Zesummenaarbecht tësche Landesplanungsministère an de Gemengen.

Et ass och richteg, wa gesot gëtt, d'Gemenge solle Réserves foncières schafen. Mä op jidde Fall muss dat, eiser Meenung no, net onbedéngt iwwert den Droit de préemption geschéien. Ech mengen d'Gemenge sollen hir Flächen, déi se hunn, a Reserv halen, a se eventuell, anstatt ze verkafen oder zum Baue fräi ze ginn, méi iwwer Bail emphytéotique - eng Méiglechkeet déi besteet - fueren, fir dass déi Flächen am Besëtz vun de Gemenge bleiwen.

Eng kruzial Fro déi sech awer stellt ass déi: Wéi kann ech landesplaneresch denken a plangen, ouni d'Autonomie vun de Gemengen a Fro ze stellen? Dat ass schonn hei ugeschnidde ginn an dat ass schwéierlech méiglech. Wann ee vun engem Programme directeur schwätzt, da seet deen Ausdrock scho kloer wat ze geschéien huet, an da bleift net méi allze vill Autonomie do hannendrun.

Wa mer drop eraus sinn, déi zur Verfügung stehend Flächen optimal ze notzen, da musse mer Bautätegkeeten an den Uertschafte méi kompakt gestalten an déi onsënneg Baupläng laanscht Landesstroosse bremsen. Och de Stroossebau huet säin Deel zum Flächeverbrauch bäigedroen an dat wäert sech och net ännere, wa weiderhin esou sënnlos geplangt gëtt.

Eng Landesplanung déi sech dësen Numm wëllt verdéngen, muss alles maachen datt den öffentlechen Transport esou gefördert gëtt, dass den Individualverkéier, deen ee jo ni ofgeschaaft kritt, sech a verträgleche Grenze beweegt. Dozou gehéiert awer och vill méi dezentraliséiert Ugeboter un öffentlechen Déngschtleeschtungen, wéi zum Beispill Verwaltungen, Schoulen an esou weider, déi mat géifen hëllefen en Deel vum Verkéier iwwerflësseg ze maachen.

An dësem Zesummenhang mussen och Froen iwwert d'Erstelle vu Bebauungspläng an och iwwert d'gerecht Verdeele vun de Steierertrëg aus Industrie- a Gewerbezone beäntwert ginn. Soulaang nämlech déi eenzel Gemengen iwwert d'Recette vun dëse Steieren aus der Usiedelung vu Betriber Virdeeler erschafe kënnen, bleift den Drang vu Schafung vu weidere gemengeneegenen Industriezone bestoen.

Et gëtt Iwwerleeungen am Programme directeur fir méi regional ze denken an an deem Sënn ze schaffen, fir sech iwwert de Wee vu Plans sectoriels méi ëm regional infrastrukturell Entwécklung selwer ze këmmeren. Bis elo ass et esou, dass d'Projete vun de bestehende Gemengesyndikater vun deenen ugeschlossene Gemenge proportional zu de Gemengen, a mat der Hëllef vum Stat, finanzéiert a realiséiert ginn.

Wichteg wier et awer, wann ee vu Plans sectoriels schwätzt, dann awer och Fonds- regionalen anzefëieren, déi direkt vum Statsbudget gespeist géife ginn a mat deem d'Gemengesyndikater hir Projeten och kéinte selbstständeg realiséieren a se do hisetze wou se fir d'Regioun am Wichtegste wieren.

Well et ass jo esou, déi grouss Gemengen hunn alleguerten hir Service-techniqueën op déi se kënnen zréckgräifen an déi kleng Gemengen, déi sinn do manner gutt bestéckt an do wär et schonn zum Beispill am Sënn vun enger global ler Entwécklung, wann een do kéint regional Service-techniqueë schafen, déi alle Gemengen zesumme géifen zur Verfügung stoen.

Mä do misst een natierlech déi méiglech Moyenen awer och zur Verfügung stellen. An dat net nëmmen am Zesummenhang mam Bauland, mä awer och mat aneren Infrastrukturen, wéi zum Beispill GSM-Antennen, Bauschuttdeponien oder soss regional wichteg Infrastrukturen. Dat kéint verhënneren, datt zum Beispill eng Gemeng eng Industriezon niewent e Wunngebitt vun enger anerer Gemeng setze géif, fir dat nëmmen als Beispill ze huelen. An dat géif och zu méi engem vernetzten Denken an Handele féieren an eis vill Zäit awer och vill Sue spueren.

Et schéngt mer an der ganzer Landesplanung wichteg, dass e kohärent Konzept zustane kënnt, datt awer och de Gemengen déi néideg Moyenen zur Verfügung gestallt gi fir datt se, wa Bebauungspläng solle realiséiert ginn, si et sinn, déi se am Fong - an dat huet d'Praxis bewisen - am schnellste kënnen ëmsetzen.

Duerfir beduerf et awer och enger Reform vun de Gemengefinanzen, fir de Gemengen déi néideg Moyenen zur Verfügung ze stellen. Mir hoffen, dass déi Reform elo net méi allze laang wäert op sech waarde loossen. Wéi gesot heescht dat awer ëmdenken a jiddferee misst e bësse Waasser a säi Wäi schëdden. De Stat muss en Deel vu senger oft diktatorescher Virgehensweis opginn. D'Gemenge mussen awer och hirersäits en Deel vun hirer Autonomie an den Déngscht vum Gesamte stiechen.

Här President, de Programme directeur, deen eis virun e puer Deeg virgestallt gouf, ëmfaasst eng Rei vun Iwwerleeungen, déi den ADR ka mat droen. Wat mer awer op kee Fall kënne mat droen, dat sinn déi politesch Iwwerleeunge fir iwwert de Wee vun zousätzlechen Taxen eng Rei vu Käschtepunkten ze reduzéieren. Dozou gehéiere besonnesch déi sougenannten Energietaxen oder déi onsënneg Iddi vun engem Péage fir déi grouss Stroossenachsen. Och op Gemengeplang kënne mir net domat d'accord sinn, datt elo sollen onsënneg Parktaxen agefouert ginn, wou ee geschwënn, wéi zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg, muss bezuele fir a senger eegener Garage ze parken.

Här President, ech kommen net derlaanscht fir e puer Wuert ze verléieren iwwert eng Rei Elementer, déi den aarbechtsrechtleche Beräich betreffen. Wann et richteg ass, dass den Télétravail dozou bäidréit datt manner Leit sech musse fortbewege fir op hir Aarbecht ze kommen, esou wëll ech awer virun esou engem Instrument warnen esou laang wéi net déi néideg Gesetzgebungen d'Ofsécherung bréngen. Dat féiert nämlech dozou, dass nach just d'Wuer Aarbecht bezuelt gëtt, awer net méi d'Aarbechtszäit. D'Salariéë ginn zu moderne Sklaven, déi doheem waarden datt een hinnen d'Aarbecht schéckt.

Och Modeller vu méi flexibler Aarbechtszäit wëllen ze développéieren ass Nonsens, besonnesch wat den öffentlechen Transport ubelaangt. Mir kréien elo scho mat fixen Aarbechtszäiten den öffentlechen Transport net ugepasst, wéi solle mer en dann ugepasst kréie wa jiddferee ka schaffe goe wann e wëllt? Mir bréngen et och elo schonn net fäerdeg, do wou Industriezone sinn, e kohärenten Zougang iwwert den öffentlechen Transport ze schafen, wéi solle mer et da fäerdeg bréngen mat nach aneren Aarbechtszäitmodellen den öffentlechen Transport un d'Aarbechtswelt unzepassen?



Verschidden Transportkonzepter leie vir. D'Sträitfroen, ech mengen, déi kenne mer. Déi sinn an de leschten Deeg des Laangen an des Breeden diskutéiert ginn. Mir brauchen also keng punktuell a lobbyistesch Moossnamen, mä mir brauchen an alle Beräicher e globaalt Konzept.

Besonnesch wann ech vum öffentlechen Transport op d'Aarbecht schwätzen, froen ech mech wéi mer dee wëllen an de Gréff kréien, wa mer amgaange si méi Linnen op d'Aarbechtsplazen ofzeschafe wéi mer neier kreéieren. Ech schwätzen do besonnesch iwwert déi Linnen, déi zum Beispill geschafe ginn op der Goodyear oder op anere Plazen aus dem Ausland eraus, fir d'Leit mam öffentlechen Transport heihinner ze bréngen. Wa méi Linnen ofgeschafe gi wéi der geschafe ginn, da froen ech mech wéi mer dee Problem sollen an de Gréff kréien.

Eng aner Iddi, déi mer am Fong hunn, ass déi am Zesummenhang mat den Industriezonen, wou et mir wichteg schéngt, dass bei der Kreatioun vun neien Industriezonen och Infrastrukturen an den Industriezone selwer virgesi gi mussen, wéi Banken, d'Post, Crèchen, fir dass déi Leit, déi iwwert de ganzen Dag duerch do schaffe mussen an nëmmen eng Aarbechtszäitënnerbriechung hunn, och dann do bleiwen a sech do ophale kënnen. Dat géif zum Deel mathëllefen e gudden Deel vum Transportproblem ze léisen, fir dass d'Leit net véiermol am Dag bräichten hin an hier ze fueren, mä nëmmen zweemol.

Déi puer Punkte wollt ech hei uschneiden. De Rescht, wat d'Ëmwelt an d'Agrarpolitik ubelaangt, do schwätzt mäi Frënd, de Roby Mehlen. Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. D'Wuert huet den Här Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eigentlech misst Lëtzebuerg Weltmeeschter an der Landesplanung sinn, well e Land, wat all Joer e puer dausend Aarbechtsplaze schaaft, eng Regioun wou all Mount e puer honnert Leit nei wunne kommen, esou e Land misst eigentlech eng professionell Equipe op d'Bee setzen, déi beschten Traineren engagéiere fir de Match géint de fräie Maart a géint de programméierte Chaos ze gewannen. Wat ass d'Realitéit?

An der Landesplanung gëtt et emol kee Modell Lëtzebuerg. Déi eenzel Regierungen hu sech net emol als schlecht Amateuren aus der Affär gezunn, neen, si si guer net ugetruede géint d'Stroossebauer, d'Wirtschaftslobbyisten an d'Spekulanten. Si hunn hinne ganz einfach den Terrain iwwerlooss an hu Forfait erkläert.

Dir Dammen an Dir Hären, zu Lëtzebuerg ass d'Landesplanung de facto zënter drësseg Joer inexistent. Elo muss ee sech awer froen - an dat wonnert mech, dass kee vun den Orateure viru mir déi Fro gestallt huet -: Firwat ass déi Situatioun zu Lëtzebuerg esou chaotesch wéi se ass? Well et muss ee jo awer feststellen dass et op jidde Fall net un deenen néidege legislativen Instrumenter an Texter gefeelt huet.

Ech erënneren nach eng Kéier drun: Säit 1974 hu mer e Landesplanungsgesetz. 1978 gouf en éischte Programme directeur vum Regierungsrot verabschiet, deen och nach eng Kéier 1988 aktualiséiert ginn ass. 1981 gouf derniewent nach eng Déclaration d'intention générale iwwert de Schutz vun den natierleche Liewensraim verabschiet.

An der Praxis sinn awer dës Dokumenter praktesch ëmmer Lettre morte bliwwen. Schlëmmer nach! Et si ganz oft Décisioune geholl ginn, déi awer nu wierklech 180 Grad an eng aner Richtung gaange si wéi dat wat am Eenzelnen oder souguer an alle vun dësen Dokumenter stoung.

Ech brauch nëmmen un eng Diskussioun ze erënneren iwwert déi mer jorelaang hei an op anere Plaze gestridden hunn, dat war d'Zerstéierung vum Gréngewald mat der Nordstrooss, well de Gréngewald ganz kloer op där Déclaration d'intention générale vun 1981 stung, a wann een déi fir zwee Su seriö geholl hätt, hätt een iwwerhaapt net däerfen drun denken eng Autobunn duerch dëse Bësch ze bauen. Dat just fir ze weisen, dass net nëmmen dem fräie Maart den Terrain iwwerlooss ginn ass, mä dass och d'Regierung selwer kaum an den Tirang gegraff huet, wa wichteg Décisiounen ustungen, fir dann déi Dokumenter, déi si oder hir Virgängerregierungen erschafft haten, ze consultéieren.

An der Praxis ass d'Entwécklung an d'Gestaltung vu Lëtzebuerg eigentlech méi duerch d'Fonds-des-routes-Gesetz vun 1967 bestëmmt gi wéi duerch de Programme directeur vun 1978. Dat kann ee besonnesch gutt beobachten, wann ee géing mam Helikopter oder mam Fliger iwwer Lëtzebuerg haut fléien. Virun allem de Bau vun deenen eenzelnen Autobunne mat enger regelméisseg uschléissender Ukoppelung vun nationalen Industriezone bei den Echangeure waren et eigentlech, déi d'Schicksal vun deenen eenzelne Regiounen hei am Land am meeschte beaflosst hunn. Am Beräich vun der kommunaler Siedelungsentwécklung waren éischter de Spekulantentum an den Zoufallsprinzip Tromp wéi gëuerdnet Planung.

Wéi ass dann dës Navigation à vue ze erklären? Mir gesinn eigentlech fënnef, sechs Haaptgrënn wuerfir dat de Fall war. Éischtens muss ee soen, dass dat aalt Landesplanungsgesetz wierklech wesentlech méi ondemokratesch war wéi dat vun 1999. Do ass et praktesch nëmmen d'Top-down-Prozedur ginn, an da brauch ee sech net ze wonneren, dass d'Leit eigentlech mat där Approche net d'accord waren.

Den zweete Grond war deen, dass déi eenzel Dokumenter am Kontext vum Programme directeur vun de Plans régionaux praktesch am stillen Kämmerlein ausgeschafft gi sinn a kaum mat de betraffene Gemengen a scho guer net mat der Société civile diskutéiert gi sinn.

Ech hunn nach haut bei mir doheem um Büro esou e Schmöker leien, dat war den Avant-projet vum Plan régional „Nord". Ech weess net, ob vill Leit am Norde matkritt haten, dass iwwerhaapt un esou engem Dokument deemools geschafft ginn ass. Déi wéinegst, mengen ech, hu matkritt, dass dat Dokument eng Kéier fäerdeg gi war an driwwer diskutéiert gouf eigentlech ni.

Schued, muss ee soen, well an deem Dokument fënnt een eng Hellewull vu wichtegen Informatiounen, déi déi 45 Gemengen aus dem Norden hätte kënnen nëtzlech gebrauche fir hir Evolutioun, mä dat war an der ganzer Prozedur net virgesinn. Et muss een och soen, dass Enn der 70er, Uganks der 80er Joren déi Theorie vun der participativer Démarche sécherlech nach net esou implantéiert war wéi haut.

Déi drëtt Ursaach ass eng, wou ech fäerten, dass se vläicht och nach an Zukunft dat gréissten Hindernis bleiwe wäert. Dat ass dat ganz staark ausgepräegt sektoriellt Denken, souwuel op Ministeschniveau wéi awer och op Verwaltungsniveau. Dat huet verhënnert an dat verhënnert och nach ganz oft haut eng horizontal Koordinéierung an eng méi vernetzt Virgehensweis.

Am Kontext Landesplanung gëtt ganz oft vun der feelender Bereetschaft vu Gemengepolitiker bei der

Kooperatioun geschwat, och vun der feelender Traditioun. Ech muss lech awer soen, Dir Dammen an Dir Hären, ech stellen awer fest, dass an deene meeschte Käpp vun deene meeschte Gemengepolitiker haut d'Bereetschaft mat den Nopeschgemengen zesummenzeschaffe wesentlech zimlech méi entwéckelt ass wéi bei deene meeschte Statsbeamten, fir mat Beamten a Beamtinnen aus engem Nieweministère zesummen ze schaffen. Wann ee Buergermeeschter ass, dann erlieft een dat dagdeeglech, dass awer mol net usazweis eng Traditioun besteet, dass Verwaltungen op informellem Niveau sech zesummen un en Dësch sëtzen an eigentlech schonn am Virfeld probéieren e Problem, dee vill Aspekter huet, dee vernetzt ass, ze léisen. Déi meescht zéie sech ganz séier an hir Schëtzegrief zréck a waarden drop bis vun der Nopeschverwaltung den Dossier kënnt, an da gëtt nëmme schréftlech drop geschoss. Ganz oft mussen et souguer d'Buergesmeeschtere sinn, déi um lokale Plang dann déi eenzel Verwaltungen un e ronnen Dësch bréngen, fir ze soen: Hei lauschtert, hei hu mer dräi ënnerschiddlech Avisen zu deem selwechte Projet, kënne mir eis net eenegen a kënnt Dir lech an de Verwaltungen net eenegen, fir dass mer weider kommen?

Ech mengen, dat ass ee vun den Haaptproblemer. Ech hunn och keng Léisunge fir déi Barrièren ewech ze kréien, mä ech mengen, mir mussen eis do Gedanke maachen. Mir musse prinzipiell, ech kommen herno nach kuerz dozou, eis d'Fro stellen, ob déi Andeelung, wéi eist ganzt Statsgefüge organiséiert ass, dat eigentlech aus der Mëtt vum 19. Jorhonnert kënnt mat där strikt sektorieller Opdeelung vun deenen eenzelne Beräicher, ob déi eigentlech am 21. Jorhonnert, wou mer probéieren alles ze vernetzen, nach zäitgeméiss ass fir eise Stat fonctionnéieren ze loossen.

De véierte Punkt: Wa mer geplangt hunn an iwwert d'Entwécklung vu Lëtzebuerg diskutéiert hunn, da war dat praktesch ëmmer exklusiv ausgeriicht op déi wirtschaftlech Entwécklung. Mir hu Zones industrielles gemaach an hunn eis dann no e puer Joer gewonnert, dass op eemol dausende Frontalieren iwwer eis Grenze komm sinn. Mir hunn eis gewonnert, dass iergendwou Kanner op d'Welt komm si vun deene Leit, déi bei eis wunne komm sinn, an dass déi och nach eng Kéier géifen an e Lycée kommen. D'Resultater gesi mer nach haut. 4.000 Schüler a Schülerinnen, déi a Containere sëtzen, well kee geplangt hat, dass no den Aarbechtsplazen och d'Leit géife wunne kommen, dass déi Leit géife Kanner kréien, an dass déi Kanner géife grouss ginn. Also kaum Iwwerleeungen am Verkéiersberäich, am demographesche Beräich an an den öffentlechen Infrastrukturen.

Fënneftens: Dat ass e bëssen duerch d'Gréisst vum Land bedingt an dat huet jo ganz oft Virdeeler, wann een informell kann Décisiounen huelen um kuerzen Déngschtwee, wéi dat esou schéin heescht, mä ech mengen an deem heitege Kontext ass dat eis e bëssen op de Kapp gefall an huet dozou gefouert, dass mer keng Traditioun an der Regionalentwécklung hunn.

A wann e Buergermeeschter Mëttes beim Minister um Canapé sëtzt, wann e moies e Rendez-vous gefrot huet, wann e beim Verloosse vum Ministère säi Subsid an der Täsch huet, mat vläicht nach engem Bonus vu 5 bis 10%, wann en och nach zoufälleg déiselwecht Parteikaart huet wéi de Minister, firwat soll deeselwechte Buergermeeschter sech mat enger halwer Dosë Buergermeeschteren zesummesetze fir iwwer gemeinsam Strukturen an Infrastrukturen ze diskutéieren? Ech mengen, dat ass och ee Punkt, dass mer laang gebraucht hu fir iwwerhaapt zu enger regionaler Entwécklung ze kommen, well an deem dote Fall heiansdo awer och de kuerzen Déngschtwee vläicht deem eenzelne Buergermeeschter virugehollef huet, mä zu deelweis kontraproduktiven Infrastrukturen an Décisioune fir eng Regioun gefouert huet. Ech kéint där Décisiounen do an der Dosen hei opzielen.

Sechstens: Schlussendlech hunn awer och am Landesplanungsgesetz vun deemools déi néideg strukturell a finanziell Instrumenter gefeelt, fir déi regional Zesummenaarbecht ze förderen. Dat ass, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eigentlech duebel bedauernswert, well och schonn am Programme directeur vun 1978 stoungen eng ganz Rei sënnvoll Recommandatioune geschriwwen an et waren och sënnvoll Scénarië fir dat Land hei ugedeit. An datselwecht, Här President, kann ee vun deem heiten Dokument soen. Ech wëll dat och direkt betounen, dass mir dat meescht, wat hei dra steet, als Gréng kënnen ënnerstëtzen. Jo, mir hunn heiansdo esouguer dat Gefill, dass munches, wat hei dra steet, kéint direkt aus engem grénge Wahlprogramm ofgeschriwwe sinn, an dat net nëmme well d'Halschent vum Dokument hei gréng ass, mä et ass eigentlech wierklech esou wéi mir eis…

***(Interruption)***

Ech wees net, ob dat deemools eng Undeitung sollt gewiescht si vum Här Bodry.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Den Inhalt ass schwaarz. Dat ass dat Wichtegst.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Leider. Vläicht ass dat de Problem.

Op jidde Fall deele mir zu engem ganz groussen Deel déi Vue, wéi eist Land sech soll an deenen nächste 15, 20 Joer entwéckelen. Mä d'Fro, déi sech haut stellt, an dat hunn eng Rei Leit schonn opgeworf, an d'Fro, déi sech an deenen nächsten zéng, 15 Joer wäert stellen, ass also net ob dat, wat an deem Programme directeur hei dra steet, an der Rei ass, mä ob mer et fäerdeg bréngen eis dës Kéier déi néideg Strukturen a Moyenen ze ginn, wéi mer déi schéin Ziler erreechen.

An dofir, Här President, wäert ech mech och elo net laang oder iwwerhaapt net mat den Inhalter vun dësem Dokument ophalen, mä éischter e puer Iddien an e puer Vuen aus grénger Siicht op den Dësch leeën, wéi mir eis et géife virstellen, wéi mer et géife fäerdeg bréngen dës ganz gutt Iddien an d'Realitéit ëmzesetzen. En Zéngpunkteprogramm, wann ech esou däerf soen, wou de roude Fuedem folgendermoosse kéint heeschen: Zesumme plangen, amplaz vereenzelt reagéieren.

Dat Éischt wär eiser Meenung no eng breet ugeluechten Debatt zum Thema: Wéi ee Lëtzebuerg fir muer? Déi Gréng hunn net eréischt en Zukunftsdësch gefrot, wéi op eemol déi 700.000-Debatt aktuell war. Mä mir hu scho viru Joren, an ech kéint hei esou e Pak Motiounen op den Dësch bréngen, wou mir schonn ëmmer gesot hunn, et gëtt endlech Zäit dass mer eis Gedanke maachen iwwert d'zukünfteg Gestaltung vun dësem Land. Mir bedaueren et wierklech, dass dës Iddi net zréckbehale ginn ass. Mir hunn awer och praktesch ëmmer parallell gesot, dass eigentlech am Virfeld vun esou enger Diskussioun misst emol eng seriö wëssenschaftlech Bestandsopnahm gemaach ginn iwwert d'Ëmweltsituatioun, eng Rei Scénarien ugedeit ginn. An de Minister huet et jo voll confirméiert haut.

Eng weider Ursaach vun net existenter Landesplanung ass, dass an deem Land hei keng Chiffren ze kréie sinn. Dat stellt net ëmmer erëm neierdéngs de Landesplanungsminister fest, mä dat stellt een och fest, wann ee wëllt regional Entwécklung maachen. Et ass bal onméiglech erauszefannen, wéi vill Aarbechtsplazen de Moment am Réidener Kanton sinn an a wéi engem Secteur? Och déi eenzel Chamberen denke guer net regional an hunn, wa se iwwerhaapt Statistiken hunn, se doudsécher net no regionale Kritäre bei sech aklasséiert.

An da brauch ee sech net ze wonneren, wann ee keng objektiv Chiffren um Dësch huet, dass, esou bal méi politesch Diskussioune kommen, se direkt emotional gefouert ginn. Ech sinn der Meenung, wa mer an deene leschten 20, 25 Joer méi objektiv Chiffren um Dësch leie gehat hätten, dass mer dann eng Rei Diskussioune vill manner emotional, vill méi pragmatesch hätte kënne féieren, an dass och eng Rei Feeldécisiounen, aus grénger Siicht, déi geholl si ginn, eventuell net geholl gi wären.

Et mierkt ee jo awer all Kéiers, wa mol e puer Zuelen op den Dësch kommen, et dann éischter méiglech ass eng sachlech Diskussioun iwwer Parteigrenzen ewech ze féieren. Ech hunn dat erëm festgestallt, wéi mer am Virfeld vun der Debatt iwwert d'nohalteg Entwécklung déi berühmte SERI-Etüd op den Dësch geluecht hunn. Do waren nëmmen e puer Chiffren dran, mä déi Chiffren eleng hunn zumindest dozou geféiert, dass mer e bësse méi konkret konnten iwwer Nohaltegkeet diskutéieren. A wann een de Leit Scénarië virleet an et seet een, wa mer näischt un eiser Manéier fir eise Raum ze gestalten änneren, da riskéiere mer trotz allem, a wann et och eréischt a 40 oder 50 Joer ass, 60, 70, 80% vum Territoire vu Lëtzebuerg urbaniséiert ze hunn, ech mengen da kritt een eng aner Kommunikatioun mat der Populatioun, och mat eenzelne Gemengen, wéi wann et einfach heescht, mir zersiedelen eist Land. Punkt, Schluss. Ech menge mat esou Aussoe kënnt een net weider.

Mir begréissen an deem Sënn déi Approche iwwert den IVL. Déi éischt Réunioun fir d'Gemengen an deem Kontext huet scho gewisen, dass do mol usazweis endlech e puer Chiffren op den Dësch kommen, a wa se gutt verschafft a vulgariséiert ginn, se e gewëssenen Aha-Effekt souwuel bei de responsabele Gemengepolitiker wéi och bei der Société civile kënne produzéieren. Mir si gespaant wéi deen dote Prozess weider geet. Do ass zumindest een éischten Usaz.

Den zweete Punkt ass, an den Här Bodry huet dat scho gesot, wann een den IVL seriö hëlt, een hätt awer missen e Moratoire fir gréisser Infrastrukturen, besonnesch Stroosseninfrastrukturen dekretéieren. Et ass schued, dass wou praktesch schonn dee gudden Usaz do ass, een e schonn erëm deelweis futti mécht, wa parallell ganz einfach nach iwwer eng Westtangente geschwat gëtt an ëmmer erëm diskutéiert gëtt. Dat ass awer och eng Affär vu Glafwierdegkeet vis-à-vis vun der Populatioun. Ech gleewen nach vläicht, dass intern an der Regierung gesot gëtt, mir féieren déi parallell Diskussioun a Planung weider. Mir wëssen awer och wéi schwéier aus engem Ingenieur sengem Kapp eng Strooss erauszekréien ass, wou dee schonn d'Pläng gezeechent huet. Dat ass nun eemol esou. Dat ass mënschlech. Dat huet och mat engem gewëssene Verwaltungsgeescht ze dinn. An ech hu léiwer, mir mussen iwwer eng Strooss diskutéieren, wou nach keng Pläng fäerdeg sinn, wéi dass mer musse géint eng ukämpfe wou scho Pläng do leien, wou schonn driwwer diskutéiert gëtt, ob mer d'Nordvariant ëm Keespelt maachen oder eng Südvariant.

Ech fäerten déi Zich sinn all fort, an dat ass einfach schued, well een do schonn erëm mam IVL enger Evolutioun hannendru leeft. Mer mussen endlech dozou kommen, dass d'Politik am Virfeld vun enger Evolutioun ka matschwätzen an net ëmmer der Realitéit dobausse permanent muss nolafen.

Drëttens: Do hu mer e bëssen eng aner Vue als Gréng. Mir wiere vläicht éischter fir e Plan directeur, well mer awer fäerten, dass eben de juristesche Wäert vun deem wat hei drasteet praktesch Null ass, an dass een awer vläicht hätt kënne Moyenë fannen, dass déi Leit, déi deen hei méi contraignanten, esouwuel fir d'Regierung selwer hätte misse sinn, wéi awer och fir d'Gemengen, mä awer och, vläicht virun engem Tribunal administratif, fir Bierger a Biergerinnen, fir Ëmweltschutzorganisatiounen, firwat och net déi eng oder aner Gemengen aklobar hätte kënne sinn.

Véiertens: Ech kommen zréck op dat wat ech elo éinescht gesot hunn, fir mech bal den A und O. Wa mer et net fäerdeg bréngen interministeriell an Interverwaltungsaarbecht ze verbesseren, da froen ech, wéi mer besonnesch op deene Punkten, wou d'Regierung selwer gefuerdert ass, solle weiderkommen.

Eng Pist, déi een eventuell kënnt weider suivéieren, wier déi, ob een net iergendwéi eng Kéier misst eng Rei Ministèren zesumme leeën an eventuell mat Statssekretariater fueren. Mir haten emol eng Kéier d'Propos gemaach an do si mer am Kontext, wat och schonn opgeworf ginn ass, wéi leeë mer d'Diskussioun Landesplanung an Nohaltegkeet zesummen. Mir haten emol eng Kéier d'Propos gemaach en Nohaltegkeetsministère ze schafen, wou ee Landesplanung, Ëmwelt, Verkéier an Energie kënnt erantässelen, wou een och Leit kënnt drasetzen.

***(Interruption)***

Här Wolter, ech weess dass dat do scho bal eng Verwaltungsrevolutioun ass. Dat ass emol keng Reform vun der Réforme administrative, dat do ass bal eng Revolutioun. Mä wa mer feststellen, an dat ass net nëmmen am Politikberäich esou, mä dat ass och am private Beräich, am gesellschaftleche Beräich, datt eist lineart Denken iergendwéi net méi zäitgeméiss ass fir déi komplex vernetzte Problemer vum 21. Jorhonnert ze léisen, da muss een och eng Kéier e bësse méi wäit denken an zumindestens emol nei Forme vu Verwaltungen, vun Organisatioun vun eisem Statswiesen undenken.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Ech si mer bewosst, dass dat do net fir haut a muer ass, mä wann een net ufänkt gewëssen nei Iddien ze entwéckelen, dann, mengen ech, kritt ee se och ni an d'Käpp vun de Leit eran.

De fënnefte Punkt ass mindestens esou wichteg wéi deen, deen elo grad ugeschwat ginn ass. Do hu mer, mengen ech, an deenen nächste Wochen a Méint nach Zäit driwwer ze diskutéieren. Dat ass an eisen Aen déi Question clé vun der grondleeënder Reform vun de Gemengefinanzen.

Ech kënnt elo X Zitater hei bréngen, wou dës Regierung widderhuelt déi wichteg Roll vun de Gemengen ugeschwat huet, ëmmer erëm nei Missioune fonnt huet, sief dat am Logement, sief dat an de Structures d'accueil an esou weider an esou fort. Ech kenne keng Regierung wéi déi hei, och kee Finanzminister wéi deen hei, deen de Krunn vun de Gemenge méi zougedréit huet wéi deen heiten. Dat ass grad esou paradox wéi dat wat den Här Calmes elo éinescht opgezeechent huet, wann een an der Landesplanung gär hätt dass d'Gemenge solle Gas ginn, da kann een net am Syndikatswiesen op d'Brems trëppelen. Wann ee gär hätt dass d'Gemenge méi Aufgaben iwwerhuelen, da kann een hinnen net de Krunn zoudréinen.

Ech hoffe wierklech, dass bei deene ganzen Diskussioune mam SYVICOL, wat d'Abréch vun der Gewerbesteier ugeet, wierklech ganz seriö Kompenséierunge kommen, well soss kënne mer déi ganz Diskussioun, déi mer hei de Mëtteg gefouert hunn, vergiessen, well wann et muer esou ass dass wierklech 40% Abroch Gewerbesteier kommen, dann ass kee Su a kee Frang méi do fir regional Zesummenaarbecht an da kann een och de Gemengeverantwortlechen net de Virworf maachen, wann d'Hiem hinne méi no ass wéi de Paltong. A mir sinn net wäit dovun ewech.

Wann ech Berichter liese vun der Stad Ettelbréck, déi elo scho praktesch virbäi an hannewidder ass duerch de Fonctionnement vun hirem CAP, wann ee sech do nach virstellt, dass d'nächst Joer nach eng Kéier en zousätzlechen Abroch kënnt, wann ech héieren, dass eng vun den Haaptursaache vum Ettelbrécker Buergermeeschter, fir net beim Leader Plus matzemaachen, de Fait ass, dass en do eng Millioun muss bäileeë pro Joer a seet, da kann ech e Klassesall manner pro Joer usträichen, da fannen ech, dann ass dat keng theoretesch Diskussioun déi mer hei féieren, da si mer um Punkt dass eng Rei Gemengen, an Ettelbréck ass jo bestëmmt net déi mannst an net déi klengst, elo scho bal virbäi an hannewidder sinn, an dann ass et normal, da kann een net nach vum Ettelbrécker Buergermeeschter verlaangen, datt dee sech hisetzt an all Joer zeg Millioune bereet stellt fir d'Nordstad ze entwéckelen.

Dat eent ouni dat anert, Här President, dat geet net, an ech maache wierklech e waarmen Appel hei un den Innenminister an och un d'ganz Regierung, dass se sech ganz seriö sollen iwwerleeë wat am Kontext vun de Gemengefinanzen do geschitt. Dat sinn déi Acteuren, déi dobaussen d'Liewensqualitéit vun de Leit wäerte garantéieren. Et sinn och déi, déi mer permanent brauche fir Landesplanung ze maachen. Ech si ganz d'accord, et geet mat de Suen net duer, mä ouni Sue kann een och keng regional Entwécklung maachen, an dat ass awer d'Viraussetzung, soss brauche mer net doriwwer ze diskutéieren.

Här Minister, Dir fannt mech als Alliéierten, wann Der higitt an Dir suergt dofir dass Schluss ass mat den Trittbrettfahrer an de Luusspätteren. Do sinn déi Gréng sécherlech déi, déi eng Hand wäerten upaken, well mir si leider de Moment an där parodoxaler Situatioun, dass déi, déi d'Luusspätteren an d'Trittbrettfahrer spillen, déi hunn um Enn vum Joer méi Suen an hirem Budget, kréien awer vun den Nopeschgemengen déiselwecht Servicer fir hir Leit ugebueden, déi musse just e puer Kilometer fueren. Dat ass déi aktuell Situatioun, dat ass paradox, a mat esou enger Situatioun kritt een natierlech de regionale Geescht net gefördert an do musse mer d'Saach erëm op d'Féiss setzen an dofir suergen, dass déi Leit, déi fräiwëlleg sech zesummesetzen a kucke fir hir ganz Regioun Liewensqualitéit ze schafen, wierklech um Enn vum Joer méi an hirer Keess hunn oder zumindest datselwecht wéi déi, déi nach ëmmer mengen, si kënnten de Schlaumeier spillen.

De sechste Punkt ass inhaltlech vläicht dee Punkt, deen ech am meeschte vermësst hunn an deem ganze Programme directeur. Dat ass wat mer eis vu Moyenë ginn, fir endlech erëm Wunnen, Schaffen a Fräizäit beiëneen ze bréngen. Et wonnert mech och e bëssen, dass mer vun engem Plan sectoriel Wunne-Schaffen, vun engem Plan sectoriel Transport schwätzen, mä wou ass de Plan sectoriel zone d'activité, oder wéi mer en och ëmmer wëllen nennen?

Well et notzt eis net vill, wa mer muer kucke beim Wunne méi koordinéiert virzegoen, wa mer muer och kucken, dass mer Wunnen a Mobilitéit erëm méi no beiënee brengen, wa weiderhin esou geckeg Zones d'activités geplangt ginn, wéi mer dat amgaang sinn, wou an engem Gebai, op 36.000 m² 2.000 Leit schaffen, wou moies 1.900 Autoen an Zäit vun enger Véirelstonn eran- an erausfueren, well mer déi Zone dohi gemaach hunn, wou keen öffentlechen Transport ass, da fäerten ech, da kréie mer de Mobilitéitsproblem awer net an de Grëff, an eigentlech fänkt déi Situatioun un ëmmer méi pervers ze ginn.

Et konnt ee jo nach déi Trennung vu Wunnen a Schaffe verstoen, wann dat Schaffen Aktivitéite waren, déi och eng gewëssen negativ Inzidenz op d'Liewensqualitéit haten. Wann een industriell, kommerziell oder och nach handwierklech Tätegkeeten op d'gréng Wiss setzt, dat ass jo nach vläicht iergendwéi novollzéibar. Mä mir si längst zu Lëtzebuerg um Punkt, dass mer praktesch an der 80%eger Tertiariséierung vun eiser Gesellschaft sinn an elo gi mer nach ëmmerhin déi Aktivitéiten op d'gréng Wiss setzen. Et ass pervers Bürosgebaier op d'gréng Wiss ze setzen. Bürosgebaier gehéieren an eng Stad, well esouvill wéi ech weess, ausser d'Kommen an d'Goe vun de Leit, huet e Bürosgebai keng Inzidenzen op d'Liewensqualitéit wou een ass. Da musse mer endlech ewechkomme vu risege Bürosgebaier mëtten tëschent Lëtzebuerg an dem Süden a mir musse Moyenë fannen, fir an de Stied selwer erëm vläicht dann och méi kleng Unitéite vu Bürosgebaier ze maachen.

Firwat? Et war emol eng Iddi do fir déi ganz Gare ze iwwerbauen an do esou Saachen ze maachen. Wann een do kënnt e puer dausend Aarbechtsplazen iwwert der Gare schafen, da géinge vläicht net moies bei 2.000 Salariéen 1.900 Autoë kommen, mä da wier et vläicht ëmgedréint, da kéime vläicht 1.900 Leit mam Zuch an déi aner 100 kéime mam Auto. Dat, mengen ech, ass dréngend noutwendeg. An do muss ech soen, dat ass e Beräich wou ech e bëssen enttäuscht gi sinn an dësem Programme directeur. Ech sinn och der Meenung, dass dat e Beräich ass, wou et awer elo net nëmmen ëm déi ganz grouss Projete geet vun e puer dausend Aarbechtsplazen, mä dat do ass einfach eppes wou mer déi Feeler, déi mer alleguerte gemaach hunn an deene leschten 20, 30 Joer, och um klengsten Niveau an der Gemeng, missten zesumme mam Ministère de l'Intérieur an zesumme mam Landesplanungsministère Konzepter fir d'Gemengen ausschaffen, fir bei deem klengste Projet ze probéieren, zumindest wann 20 Haiser gebaut ginn, och nach vläicht e puer honnert m² Büroen oder e puer honnert m² kommerziell Flächen ze maachen, well soss kréie mer de Problem vun der Mobilitéit a mengen Aen nimools an de Grëff, ob mat engem BTB oder ouni BTB. Dat do ass eng Question clé, mengen ech, vun der Organisatioun vun eisem Zesummeliewen.

Siwentens: Mir sinn der Meenung, dass endlech den Transportministère misst bestëmmend sinn iwwert d'Verkéiersinfrastruktur. Et ass och net méi zäitgeméiss, datt e Ministère des Travaux publics praktesch d'Mobilitéit organiséiert an deem Land hei. Den Transportministère misst d'Mobilitéit organiséieren an d'Ponts et Chaussées missten engem Transportministère ënnerstallt sinn, an d'éischt misst emol gekuckt ginn: Baue mer en Tram, en Zuch oder eng Strooss? A wann et dann heescht, mir bauen en Zuch, da géinge mer en Zuch bauen, a wann et géing heeschen, mir bauen eng Strooss, da kritt d'Ponts et Chaussées den Optrag eng Strooss ze bauen, mä elo maachen déi, déi d'Planung maachen, och d'Exécutioun oder éischter ëmgedréint, déi exekutéieren, sinn eigentlech déi, déi plangen. Dat ass u sech pervers an dat huet dozou gefouert, dass mer nach wäit ewech si vun engem Equiliber tëschent dem öffentlechen Transport an der Strooss.

Et muss een ëmmer erëm drun erënneren, dass, wa mer an deem do Kontext schwätzen, och an deem Lëtzebuerg, wou anschéinend den Auto dat léifste Kand ass vun all Mënsch, no der Volkszählung vun 2001, 21% vun de Ménagen zu Lëtzebuerg keen Auto hunn, e Fënneftel vun eise Ménagen zumindest ass net mobil, wa mer d'Mobilitéit exklusiv op den Auto opbauen. Ech géif wierklech en Appel maachen, de sozialen Aspekt am Kontext öffentlechen Transport wierklech net ze vernoléissegen.

Ech freeë mech och, dass awer ëmmer méi Leit agesinn, dass eppes néideg ass, dass se och net nëmme Fuerderunge stellen, mä mat konkrete Virschléi opwaarden. Ech hunn dat Dokument mat Interesse gelies, wat d'FLEA dës Woch an enger Pressekonferenz presentéiert huet; do gesäit een och, mat wéi wéineg Moyenen ee villes kann änneren.

Wann ech gesinn, datt d'FLEA eng Propos huet, fir op enger Streck, déi ech gutt kennen, just mat e puer Kilo Faarf - andeem ech nämlech eng konsequent Busspur maachen, tëscht Stengefort an der Stad -, 18 Minutten ze wannen, da sinn dat Virschléi déi en Transportministère misst opgräifen, well do ass de spréngende Punkt, wou d'Leit op emol soen, wann ech 20 Minutte manner brauch mam Bus wéi mam Auto, da klammen ech vläicht ëm. Dat kascht keng Milliarden Investissementer, dat do kascht e puer honnert Kilo Faarf a ganz e bëssche politesche Courage, fir en Zeechen ze setzen. Dat do ass wierklech Prioritéit, a wann ee bei all Kräizung dem Bus d'Virfaart gëtt, dann op eemol soen déi, déi do am Auto sëtzen, bass du da keen Hennes, fir do ze sëtzen.

Den aachte Punkt ass gëschter intensiv diskutéiert ginn, do brauch ech net an den Detail ze goen. Dat ass déi Geschicht, dass mer eigentlech de Perimeter guer net méi bräichten ze erweideren, fir dass mer labber eng Millioun an dee bestehenden erakréien.

Kommt mer maachen endlech déi Reform vun där Grondsteier. Ech hunn nach keen heibannen héieren, weder an der Intérieurskommissioun nach gëscht bei där Debatt, deen dergéint ass. Kommt mer setzen e puer Beamten dorop, mer huelen d'Grondsteier op de Leescht, mer maachen emol eng Propos, déi mer ënnert de Fraktiounen diskutéieren, fir dass mer endlech do weider kommen an dass den Drock entsteet.

An ech widderhuelen dat, wat ech schonn hei gesot hunn: Et geet do net nëmmen ëm déi puer Euro, et geet och ëm d'Symbolik, fir ze soen, hei déi Leit, déi Terrainen zréckhalen, déi musse mer „bestrofen". Ech menge schonn dass een do eppes kéint erreechen.

Néngte Punkt. Dat ass eppes, wat just de Marco Schank am Virfeld gesot huet, dass mer ewech musse kommen, dass d'Landesplanung nëmme Planung vun Infrastrukturen ass. Landesplanung ass och méi Personal, a mir sinn als Gréng der Meenung, dass deen Irrsinn vun Numerus clausus soll ofgeschaf ginn an dass een d'Astelle vu Beamte soll no de Besoinë vum deem Land hei a vun der Populatioun plangen an net ëmgedréint.

Mir sinn der Meenung, datt do vill Feeler gemaach gi sinn, an heiansdo kann ee mat wéineger Infrastruktur a méi Leit wierklech méi Liewensqualitéit produzéiere wéi een heiansdo mengt, an dat ass dee leschte Punkt, wou ech wollt soen.

Liewensqualitéit ass méi wéi Infrastrukturen, statt nëmmen a Betong soll an Zukunft a Mënschen investéiert ginn, an dat gëllt souwuel fir de Stat wéi fir d'Gemengen. An heiansdo ass et besser et mécht een eng Mobilitéitszentral, wéi et baut ee Stroossen, oder et ass besser et setzt een eng Energieberodung an, wéi et baut een Héichspannungen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an de leschte Joren ass et eng Rei vu positiven Usätz gi vu koordinéierter Regionalpolitik, wéi zum Beispill d'verstäerkt Zesummenaarbecht am Réidener Kanton an am Klierfer Kanton an d'Naturparken. Et sti Projeten u wéi d'Nordstad, d'Frichë souwisou, dat ass alles eng positiv Bewegung, déi ganz oft awer och vun ënnen erop komm ass, the buttom up.

Ech mengen, déi grouss Erausfuerderung an deenen nächste Joren ass, dës positiv Buttom up-Bewegung ënnert en Hutt ze kréie mat enger Top down-Bewegung.

Ech bedaueren et nach eng Kéier, dass d'Geleeënheet verpasst ginn ass, iwwert den Zukunftsdësch genau dat do ze maachen, fir déi zwou Politiken zesummen ze kréien. Dofir musse mer elo, wou déi Geleeënheet net do ass, nei Forume schafen, dass d'Gemengen an d'Zivilgesellschaft ausreichend Geleeënheet erhält sech ze artikuléieren an hir Aussoen a Virschléi eescht ze huelen.

***(Interruption)***

Ech sinn an enger Minutt fäerdeg, Här President.

M. le Président.- Ok.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zur Konklusioun.

D'Erausfuerderungen un d'Landesplanung vun haut si ganz anerer wéi déi vun 1974. Deemools war eist Land virun allem mam Phenomeen vun der Landflucht gepräegt an d'Erausfuerderung war deemools éischter, fir déi schwaach Regiounen am ländleche Raum ze entwéckelen.

Haut sinn d'Problemer praktesch ëmgedréint. D'Leit verloossen d'Stied, d'Land riskéiert am Verkéierschaos ënnerzegoen, an d'Zersiedlung ass esou wäit fortgeschratt, dass se bal dat leschten Duerf erreecht huet.

D'Erausfuerderunge sinn haut wesentlech méi grouss wéi virun 30 Joer. Si kënnen nëmme geléist ginn, wann et geléngt all gesellschaftlech Kräften ze mobiliséieren. De ronnen Dësch muss d'Circulaire ministérielle ersetzen, soss bleift deen heite Programme directeur grad sou lettre morte wéi deen alen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Stroossebauer, d'Wirtschaftslobbyisten an d'Spekulanten hu weiderhin eng professionell Equipe um Terrain stoen. Och dës Regierung huet et a véier Joer net fäerdeg bruecht hinnen e gläichwäertegt Team entgéint ze setzen. Et sinn awer Zeechen do, dass se op d'mannst amgaang sinn, eng gewëssen Opbauaarbecht ze leeschten. Déi nächst Regierung muss et da fäerdeg bréngen aus dësem Material e schlagfäerdegt Team ze bilden, soss ass de Match ëm e liewenswäerte Modell Lëtzebuerg definitiv verluer.

Merci villmools.

M. le Président.- Merci, Här Gira. Den nächsten Orateur ass den Här Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Här President, ech soen lech merci. Dir Dammen an Dir Hären, den Aménagement du territoire beschäftegt sech jo mat de Grondlage vum mënschlechen Zesummeliewen op dem Territoire vun eisem Land, a well et haut keng geschlosse Wirtschaftsräim méi gëtt, beschäftegt e sech och mat der Situatioun an eisen ugrenzende franséischen, belschen an däitsche Géigenden.

Wirtschaftlech Entwécklung, sozialen Zesummenhalt a Gläichheet, schounungsvollen Ëmgang mat der Natur, Transport, Wunnengsbau, öffentlech Infrastrukturen, alles dat si Viraussetzunge vun enger dauerhafter Entwécklung vun der mënschlecher Gesellschaft. Alles dat verlaangt en héije Grad vu politescher Gestaltungsfantasie a vun Duerchsetzungskraaft, an en héije Grad vu Kooperatioun a vu Matbestëmmung op allen Niveauen, kommunal, regional, assoziativ an och individuell.

D'Politik huet haut d'Aussmooss an d'Erausfuerderung, déi eng komplex Gesellschaft u si stellt, erkannt. D'Expärswëssen ass haut beträchtlech. Organisatioune vun der Zivilgesellschaft, wéi de Mouvement écologique, awer och Organisatiounen op deene verschiddene betraffene Gebidder, hu wesentlech zur Prise de conscience an zur Mobilisatioun ëm d'Froe vun entscheedener Bedeitung bäigedroen.

Alles dat spigelt sech zum Deel an där Broschür, déi genannt ass, Programme directeur d'aménagement du territoire, an déi eis haut virläit, erëm. Wéi ech awer scho gesot hunn, bei der Debatt iwwert déi wirtschaftlech a sozial Situatioun vun de Fraen, widderspréicht awer wäitgehend d'Praxis deem wat an där Broschür steet, an och déi offiziel Ziler vun der Regierung widdersprieche wäitgehend deem wat hei a schéi Wierder, an déi faarweg Broschür déi eis virläit, gekleet ginn ass.

Wéi mer aktuell och bei der Friddenspolitik gesinn, leien d'Noutwendegkeete vun eiser Zäit, zum Beispill wat d'Friddenspolitik, eng international Politik vu friddleche Bezéiungen op der Basis vu Gläichberechtegung, planetaresch Entwécklung, Ofrüstung, Demokratie, internationaalt Recht ugeet, heiansdo meilewäit ewech vum reelle Spillraum, dee vill Regierungen hunn; och eis Regierung.

Regierungen déi dack nëmmen op eng timide gebonnen oder souguer ënnergeuerdnet Aart a Weis reagéieren. D'öffentlech Meenung ass do scho vill méi wäit, si zéckt net den allgemengen Interessen, wéi elo zum Beispill an der konkreter Friddensfro vun der Mënschheet, milliounefach géintiwwer vun enke wirtschaftlechen a machtpolitesche Interessen, ze vertrieden.

Am Fall vum Aménagement du territoire si mer virun ähnlech Erausfuerderunge gestallt, och wann et hei nach net zu engem Sursaut vun de Leit komm ass.

Ech wëll meng Positioun unhand vun e puer Beispiller erläuteren. De Pabeier vum Innenministère schwätzt zum Beispill vun der Noutwendegkeet vun enger sozialharmonescher Entwécklung, déi alle géigewäertegen an zukünftege Generatiounen en équitabelen Zougang zur Benotzung vun de Ressourcen, zur Bildung, zur Gesondheet, zum Akommes, zur Aarbecht an zum allgemenge Wuelergoe misst erméiglechen.

Dat si wichteg Ziler, déi ech och komplett deelen. Si setzen awer eng relativ égalitaire Gesellschaft viraus, si setzen eng grouss Ëmverdeelung vun de Ressourcë vun där Gesellschaft viraus a Richtung vun deene prioritäre gesellschaftlechen Ziler.

Déi grouss Richtlinne vun der Wirtschaftspolitik an der Europäescher Unioun awer lafen an eng Géigerichtung. Si lafen a Richtung Reductioun vun den öffentleche Budgeten, a Richtung vun drastesche Steierreductioune fir d'Betriber a fir déi Räich, si lafen a Richtung vun indirekten Taxen zum Beispill, Gemengentaxen a Steieren, déi virun allem déi Mannerverdéngend betreffen.

Et gëtt zum Beispill gesot, dass déi, déi d'Aarbecht kafen an och asetzen, fräi Bunn kréie missten an duerfir misst d'Aarbecht méi bëlleg ginn an och méi flexibel ze gebrauchen.

An Däitschland gesi mer zum Beispill ganz gutt wéi dat leeft, wann déi déchaînéiert Hyäne vun der Droite a vum Patronat eng Regierung viru sech hierdreiwen, déi hire Gebuertsschäin verluer huet. Da ginn déi Aarbechtslos an déi Krank penaliséiert, fir dass déi Räich an déi Mächteg hir Privilegien an hire Wuelstand nach weider kënnen ausbauen.

Wéi soll mat esou enger Politik, Dir Dammen an Dir Hären, den équitablen Zougaang vun deenen zukünftege Generatiounen zu engem würdegen…

***(Interruption)***

Ech schwätzen och nach op eemol vun Äre Virbiller, Här Mehlen. Passt gutt op wat Der sot!

***(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)***

***(Interruption)***

Oh, dat weess ech net, ob déi méi bekannt sinn.

Wéi soll mat esou enger Politik den équitablen Zougaang vun deenen zukünftege Generatiounen zu engem würdege Liewe garantéiert ginn, wann de ganze sozialen Tissu, alles dat op dat eis Gesellschaft opgebaut war an der Vergaangenheet, erëm soll a Fro gestallt ginn.

Huele mer zum Beispill d'Taxen an de Gemengen. Den Här Innenminister mengt si missten dee reelle Coût vun den Déngschtleeschtungen erëmspigelen, mä da geet de Waasserpräis nach weider an d'Luucht, da ginn d'Präisser vum öffentlechen Transport an d'Luucht an da gëtt d'Entrée an d'Schwemm méi deier. Da gëtt zum Beispill eng Taxe d'habitation wéi a Frankräich opgehuewen. Da gëtt och längerfristeg, dovu sinn ech iwwerzeegt, d'Gratuitéit vun der Schoul a Fro gestallt. Da gëtt den Transport méi deier an esou weider an esou virun.

Alles dat sinn d'Auswierkunge vun där Politik, déi diametral deene gudden Zilsetzunge vun deem Dokument entgéint stinn, dat mer haut sollen diskutéieren. Dat sinn Auswierkungen, déi ganz einfach d'Kohärenz vum Tissu social, vun deem esou vill an deem Dokument hei geschwat gëtt, a Fro stellt. Oder méi einfach ausgedréckt: Dat ass eng Politik, déi dorop erausleeft, dass Leit, déi sech elo als gläichwäerteg Membere vun der Gesellschaft gefillt hunn, egal wéi hire Revenu war, a gläichen Zougang zu den öffentlechen Déngschtleeschtungen hunn, dass déi sech op eemol erëmfannen an der Situatioun vum Assistéierten, déi eventuell souguer op d'Sozialhëllef ugewise sinn.

Déi Déngschtleeschtunge ware bis elo an de Gemengen zum Deel gratis, zum Deel ganz abordabel, an de Revenu vun de Leit huet dobäi keng Roll gespillt. Finanzéiert ass dat ginn iwwert d'Gewerbesteier, déi vun de Betriber bezuelt ginn ass. Wéinstens ass iwwert dee Wee eng gewëssen ëmverdeelend Justiz erfollegt. Alles dat soll awer elo ofgeschaaft ginn, well d'Gewerbesteier, nodeem se jo scho ganz staark reduzéiert ginn ass, an Zukunft, wann et verschiddene Leit no geet, komplett ewechfale soll.

Haut, wou ëmmer méi Frae schaffe ginn, ass de Räichtum, deen duerch d'Aarbecht geschafe gëtt, jo nach gewuess an e géif och eng Ëmverdeelung erméiglechen, zum Beispill eng Ëmverdeelung a Richtung méi Fräizäit fir Männer a Fraen am Interesse vun hire Familljen, wann net grad elo déi neoliberal

Revolutioun zum Géigenugréff geblosen hätt a verlaangt, dass si nach méi e grousst Stéck vum Kuch kritt wéi dat wat si bis elo souwisou schonn hat.

Ech notze meng kuerz Riedezäit jo bekanntlech - dat wësst Der - fir emol de Fanger op Wonnen ze leeën, déi aner Leit hei net wëllen esou séier bloussleeën. Ech mengen ouni déi wichteg gesellschaftlech Froen do ze léise kann ee keen Développement durable maachen, et kann een och keen Aménagement du territoire maachen, deen de Bedürfnisser vun de Leit entsprécht.

Huele mer zum Beispill d'Services publics. Manner Steiere bedeite forcément och manner Services publics. Mir hu gesi wéi d'Elektresch, de Gas, d'Post- an d'Telekommunikatiounswiese liberaliséiert gi sinn. Bréngt dat eppes dem Développement durable, wann zum Beispill elo an de Gemengen niewent den Antenne vun der Post dann och nach d'Antenne vun Tango stinn?

De Plan d'aménagement du territoire wërft wuel dee Problem op, mä hie léist en awer net. En dréckt sech a verklausuléierte Formuléierungen zu deem Problem aus an et leeft a Wierklechkeet dorobber eraus, dass d'Interesse vun der Wirtschaft sech an Zukunft géint déi Widderstänn, déi jo berechtegterweis a ville Gemenge besti géint deen Antennebësch, deen iwwerall am Land amgaangen ass opgeriicht ze ginn, kënnen duerchsetzen.

Wat bréngt et dem Aménagement du territoire, wann de Réseau vun der CFL, dee jo elo schonn zënter Joren degeneréiere gelooss ginn ass - am Verglach dozou ass de Réseau vun den Autobunne jo ausgedehnt ginn - a kengster Weis der Nofro vun engem frëndlechen öffentlechen Transport entsprécht an an Zukunft eventuell souguer wäert privat Konkurrenz kréien? Wat bréngt dat dem Aménagement du territoire? Am Dokument vum Ministère steet dran, dass déi extern Käschte vum Transport missten am Kader vun der Liberaliséierung internaliséiert ginn. Dat heescht näischt aneschters wéi dass elo, emol op den Zuch bezunn, d'Benotzer vum Zuch an Zukunft de volle Präis vun der Eisebunnsinfrastruktur droe mussen. Dann ass et och eriwwer, Här Mehlen, mam Gratistransport, dee jo den ADR fuerdert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Jo, mir bleiwen do derbäi.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Den ADR ass awer gläichzäiteg och fir d'Liberaliséierung. Dat sinn awer zwee Objektiver, déi sech eigentlech ganz staark widderspriechen. Ech wäert wierklech dann awer op Är Erklärungen, déi Dir dozou maacht, gespaant sinn.

***(Interruption)***

M. le Président.- Loosst den Här Urbany schwätzen! Hien huet net esou vill Zäit.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Allerdéngs.

***(Interruption)***

Merci, Här President, ech soen Iech direkt, ech wéilt dann och vläicht meng Zäit vun de Motioune mat bäihuelen.

Dann ass et och eriwwer, wann emol eng Kéier de richtege Coût…

***(Brouhaha général)***

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Wat fir eng Motioun?

***(Hilarité)***

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Op d'mannst fënnef Minutte musst Der mer bäi ginn.

M. le Président.- Här Urbany, den Här Gira krut zwou Minutte bäi. Dir kritt der och zwou bäi.

***(Brouhaha général)***

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Wann emol eng Kéier de richtege Präis fir den Transport muss bezuelt ginn, dann ass et och eriwwer mam Modal split, well da ka sech kee Mënsch méi den Zuch nach leeschten.

Ech mengen déi relativ kuerz Praxis a Länner wéi England, Holland oder USA, ech wëll nëmme Stéchwierder gebrauchen, wéi déi vun Eisebunn, Elektresch, Telekommunikatioune weisen elo schonn, dass d'Qualitéit an d'Sécherheet vun de Servicer ofhëlt, d'Infrastrukture vernoléissegt ginn, onrentabel Beräicher ofgebaut ginn, d'Präisser do klammen, d'Aktiemäert duerchernee kommen a Wäerter am grousse Moossstab zerstéiert ginn, wann et zu deene Liberaliséierunge kënnt. Net ze schwätze vun der Ongläichheet am Zougang zu liewenswichtege Servicer a vun der Zerstéierung vun der sozialer Kohesioun, iwwert déi jo awer vill an deem Text hei Rieds geet.

Ech wëll nach e lescht Beispill gebrauchen. Dat Dokument hei schwätzt vun der Integratioun vun der auslännescher Bevölkerung, déi jo wesentlech zum Räichtum vun eisem Land bäigedroen huet, an da seet et mir missten eis op déi nei Well vun Immigratioun aus dem Oste virbereeden a mir missten och duerfir fir eng gelongen Integratioun vun deene Leit suergen.

De Moie sinn ech hei op der Place Clairefontaine alt erëm eng Kéier laanscht eng Demonstratioun vun de Leit vun der ASTI gaangen, déi sech duerfir asetzen, dass eng human Léisung misst fonnt gi fir déi Leit, déi zënter Jore schonn hei wunnen, deelweis lëtzebuergesch schwätzen, deenen hir Kanner hei an d'Schoul ginn an déi elo drop waarden an dee batterkale Wanter an de Bierger vun Ex-Jugoslawien zréckgeschéckt ze ginn. Ech froe mech do: Wou ass do d'Logik a wou ass do de Wëllen zur Integratioun?

M. le Président.- Kommt wann ech glift elo zum Schluss, Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech kommen elo zum Schluss. Ech iwwersprangen dann e puer Kapitelen.

Ech mengen, e wierklechen Aménagement du territoire setzt eng Wirtschaftspolitik viraus, déi net de Spillball ass vun Entscheedungen, déi si net selwer hëlt. D'Entwécklung am Stolsecteur ass e gutt Beispill dofir. Do ass emol net versicht gi virun 20 Joer eng nei diversifizéiert Stolpolitik ze entwéckelen, mam Resultat dass haut den Industriesecteur an eisem Land nach 11,8% vum PIB ausmécht an de Métallurgiesecteur iwwregens dodranner nëmmen nach 3,5%. Den tertiairë Secteur mécht awer 80% aus.

Bei de Frichen am Süde gi vill Hoffnunge verbreet. Ech bleiwen awer skeptesch, ob dee Projet den Déclin vum Süden, dee jo och aus Ärem Dokument kloer ervirgeet, nach kann ophalen, respektiv d'Diversifikatioun vun der Ekonomie do ka virundreiwen.

Ofschléissend wëll ech dat soen, wat ech hei dacks soen, an dat ass dass d'Prise de conscience an den Engagement vun den Associatiounen a vun de Leit dofir suerge kann - an dat ass déi eenzeg Hoffnung, déi een nach kann hunn -, dass den Aménagement du territoire an den Développement durable an eiser Gesellschaft déi Plaz kréie wäerten, déi hinnen zousteet.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Urbany. Den nächste Riedner ass den Här Sunnen. Här Sunnen, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Sunnen *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir haten déi lescht Woch eng Interpellatioun vum Här Zanussi um Ordre du jour, wou mer iwwert d'Verkéiersproblematik debattéiert hunn a wou mer de Schwéierpunkt op de Bassin minier geluecht hunn.

Net manner spéit wéi gëschter huet sech d'Chamber mam Logement beschäftegt a versicht e puer Pisten opzezeechne fir där prekärer Situatioun um Wunnengsmaart Meeschter ze ginn, a scho virun néng Méint hate mer eis mat der Thematik vun der Nohaltegkeet ausernee gesat.

An haut schwätze mer iwwert d'Raumuerdnung, wou e Programm vun der Regierung virgeluecht gouf, fir an Zukunft eisen Territoire op eng nohalteg Aart a Weis ze erschléissen. D'Debatt resüméiert op eng gewësse Manéier déi Thematiken, déi an deene viregt zitéierten Debatten ugeschnidde goufen. Et geet hei also ëm kruzial Froen, déi d'Liewensqualitéit an eisem Land beréieren. Et si Froen, déi an der Politik souwuel um nationale wéi och um regionalen an um kommunalen Niveau ëmmer méi wichteg ginn. Et si Sujete wou sech d'Zivilgesellschaft méi wéi jee amëscht, sief dëst um Niveau vun Organisatiounen, wéi beispillsweis d'Gewerkschaften, oder um Niveau vu Biergerinitiativen an deene sech de Lëtzebuerger Bierger ëmmer méi besuergt iwwert d'Dégradatioun vu senger Liewensqualitéit weist.

De Programm, deen elo virläit, ass also e Referenzdokument vun der Regierung a Saache Landesplanung. Mäi Parteikolleeg Marco Schank huet a senger Interventioun op d'Haaptpunkten aus dem Programm higewisen. Ech wollt vu menger Riedezäit profitéiere fir kuerz op de Süde vum Land anzegoen, dee mat der Reconversioun vun den Industriebroochen neien an innovative Charakter kritt.

De Programm weist a sengen Ausféierungen op d'Wichtegkeet vun der Zesummenaarbecht op nationalem, regionalem a kommunalem Niveau hin. Et ass net nëmme wichteg um Niveau vun der Ausschaffung vum virleiende Programm, mä och bei der Mise en oeuvre fir dat Ganzt a Musek ëmzesetzen. Eng regional Approche ass onbedéngt noutwendeg bei der Koordinéierung vum Aménagement du territoire a si muss dem Kritär vun der Nohaltegkeet Rechnung droen. Et ass grad an dëser Approche wou een den Interessekonflikt tëschent der ekonomescher Entwécklung an der Ecologie matenee verbanne muss. An et ass och an dëser Approche wou een d'Priotitéiten an d'Propositiounen, déi um lokalen an um nationale Plang ugefouert ginn, matenee koordinéieren an zu enger nohalteger Regionalpolitik ëmforme muss. Déi regional Approche generéiert och eng gewëssen Eegendynamik um kommunale Plang, wou d'Gemenge matenee Konzepter ausschaffen an hir Politiken openeen ofstëmme mussen.

Här President, et ass grad am Süde wou sech um landesplanereschen Niveau eng ganz Partie Froen opdrängen. Mir hunn e Bevölkerungszouwuess an de Gemenge ronderëm d'Stied Esch-Uelzecht, Déifferdeng an Diddeleng ze verzeechnen. Et ass virun allem an de Gemenge Monnerech a Suessem, wou et zu engem bedeitenden demographeschen Zouwuess komm ass. Et si virun allem auslännesch Matbierger a Bierger aus anere Lëtzebuerger Regiounen, déi an de Süde komm sinn. Et ass der Wirtschaftspolitik vun der leschter an och vun dëser Regierung ze verdanken, dass de Süden erëm eng Unzéiung kritt huet, an dëst net zulescht well eng ganz Rei vun Entreprisen, virun allem aus der Baubranche, sech am Süde vum Land néiergelooss hunn. D'Entwécklung vun der Bevölkerung an hir Verdeelung innerhalb vun der Regioun sinn determinant fir d'Weiderentwécklung vum Wunn- a Baulandsmaart, vun der Infrastruktur, vum Aarbechtsmaart an net zulescht fir d'Veränneru ng vun der Sozialstruktur an enger Regioun, déi sech duerch en héijen Auslännerundeel auszeechent.

Eng gesond Bevölkerungsentwécklung haucht der wirtschaftlecher Entwécklung neit Liewen an. Wa sech déi demographesch Entwécklung och positiv entwéckelt huet, sou muss een dach awer soen, datt et um Niveau vun der Raumuerdnung u koordinativen Usätz gefeelt huet. Et ass virun allem eng Raumuerdnung, déi duerch eng ongeuerdnet Entwécklung vun der baulescher Struktur an hirer raimlecher Ausdehnung gezeechent ass. Sou hu mer haut a verschidden Uertschaften am Süden eng tentakelaarteg Ausdehnung vu Wunngebidder laanscht d'Haaptverkéiersachsen oder Wunngebidder déi éischter Exklaven ausserhalb vun den Uertschafte gläichen.

De Bevölkerungszouwuess stellt och d'Gemenge viru Problemer, déi d'Infrastrukturen an de Gemenge betreffen an déi iwwert de Logement eraus ginn. Zousätzlech Infrastrukture bedeiten Investitioune fir d'Gemengen, déi awer ganz oft viru finanziellen Engpäss stinn. Duerch den héijen Auslännerundeel kënnt et an de Südgemengen zu Integratiounsproblemer. Innerhalb vun den Uertschafte kënnt et zu enger raimlecher Polariséierung vun deene Bevölkerungsdeeler aus de Stied, déi manner gutt gestallt sinn, an deenen deenen et besser geet an déi an de Südgemenge mat engem héijen Undeel an eegenen Eefamilljenhaiser wunnen. Doriwwer eraus ass bannent den Uertschaften, dat heescht do wou de Stadkär nach net integral a Stand gesat a moderniséiert ginn ass, den Undeel vun de méi sozialschwaache Matbierger méi grouss.

Ech wëll dës Schwächten nëmmen als Beispiller zitéieren. Et si Beispiller déi beleeën, datt dës Problemer nëmmen am Zesummeschloss vun den eenzelne Gemengen am Süde geléist kënne ginn. Dëst si sech d'Südgemenge bewosst a se kucken duerfir iwwert hir jeeweileg Gemengegrenzen eraus, fir zesummen d'Äerm eropzestréppen.

Här President, 1999 hunn 12 Südgemengen hire Wëlle bekräftegt fir zesumme mam Stat e Regionalplang fir de Süden auszeschaffen. Säitdeem sinn eng ganz Rei vun Initiative geholl gi fir dëse Plang esou schnell wéi méiglech opzestellen. Eng éischt Etapp hu mer geholl mat der zweeter Oplag vun der Etüd vum November 1999, déi d'Schwächten an d'Stäerkte vun der Südregioun opzeechent. Zënter dem Juli 1999 besteet de Projet ORESUD um Niveau vun den 12 Gemengen an dem Innenministère. ORESUD verfügt iwwer Datebanke mat statisteschen Donnéeën aus der Südregioun, déi onerlässlech si beim Opstelle vun engem regionalen Entwécklungsplang.

Am Dezember 1999 huet den Innenminister eng éischt regional Konferenz mat de Gemengen an der Kulturfabrik zu Esch organiséiert, fir iwwert den Dossier ze diskutéieren. Am Mee 2000 ass déi global Strategie fir d'Reconversioun vun den Industriebrooche virgestallt ginn. Am Joer 2001 huet de Syndikat Pro-Sud en éischte Projet fir seng Statute virgeluecht. Pro-Sud wäert e performant Instrument duerstelle fir eng ganz Rei vun Objektiver an der Regioun ze definéieren an ze realiséieren:

1. D'Stäerkung vun der Identitéit an der nohalteger Entwécklung am Süden.

2. D'Verwierklechung vun zukunftsorientéierte Projeten duerch eng geziilte regional Zesummenaarbecht.

3. D'Ëmsetzung vum Plan régional sud nom Gesetz vum 21. Mee 1999 iwwert den Aménagement du territoire.

4. D'Konzeptioun an d'Planificatioun vu grenziwwerschreidende Projete mat engem Impakt op d'Groussregioun.

5. D'Uspriechpartner vun der Regioun ze si bei den öffentlechen Instanze fir d'Neinotzung vun den Industriebroochen.

6. D'Iwwerdroe vu konkrete Missiounen un den Observatoire régional sud fir d'Objektiver vun der Südregioun besser ze koordinéieren.

Den neie Syndikat setzt sech d'Zil, d'Regioun an hirer ganzer Bandbreet ze erfaassen. Et soll sech net alles am Zentrum konzentréieren, mä d'Entwécklung vun eisem Land muss verschidde Schwéierpunkter kréien, fir fälleg Strukturen ze schafen. De Pro-Sud kann de Strukturwandel steieren an den negativen Image, deen där Regioun mat grousser Industrieaktivitéit ëmmer ugehaange gouf, ëmdréinen an domat nei Akzenter fir eng positiv Duerstellung setzen. De Süde vum Land muss sech aus der Ofhängegkeet vun der Haaptstad an dem Zentrum lassléisen, eng Vielfalt vun Aarbechtsplaze schafen a genuch Wunnengsbau fir all Portmonni erschléissen.

De Pro-Sud soll dozou bäidroen, d'Liewensqualitéit ze erhalen an auszebauen. Et ass un de politesche Vertrieder aus dem Süden, zesumme mat der Regierung, dofir ze suergen, dass d'Südregioun déi Qualitéit kritt, déi an anere Landesdeeler scho längst eng Selbstverständlechkeet sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, d'Gemenge stinn haut net nëmmen an der Verantwortung fir Eegepolitik ze maachen, well d'Problemer déi sech haut stelle si gemengeniwwergräifend. Dëst ass besonnesch de Fall am Minett, wou sech fir all Gemeng identesch Erausfuerderunge stellen um Niveau vum Logement, vum Verkéier, vun der Ëmwelt, vun der Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger oder och nach um Niveau vun de Frontalieren. D'Gemengepolitik ass haut Regionalpolitik, déi sech den ugeschniddene Problemer unhuele muss, an dat op eng nohalteg Aart a Weis. Duerch de Wëlle vun de Gemenge fir zesummen ze schaffen an duerch d'Schafung vun esou engem Syndikat wéi de Pro-Sud kënne mir dat ganz sécher erreechen.

Ech soen Iech merci fir d'Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Sunnen. Den nächsten Orateur ass den Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, de Programme directeur vun der Landesplanung ass zu engem Zäitpunkt - Enn den 90er Joren - komm, wou eng laang Evolutioun vun 30 Joer d'Konditioune vun dem Liewen an onser Gesellschaft, an onsem Land fundamental geännert hat. Den Autosverkéier hat sech entwéckelt, d'Autobunnsnetz gouf vergréissert. Ons Lokalitéite sinn autogerecht gemaach ginn. D'Stied an Dierfer hu sech fundamental modifiéiert doduerch dass Aktivitéitszonen un de Borden entstane sinn. Si sinn ausgebaut ginn. Lotissementer sinn entstanen an esou weider.

Wuel néierens ass déi Evolutioun esou staark gewiescht an huet esou e groussen Impakt op d'Liewe vun den Awunner gehat wéi an der Stad Lëtzebuerg. D'Stad Lëtzebuerg huet folgend Evolutioune matgemaach, déi ee konnt mam bloussen A gesinn, déi och duerch Etüden ënnermauert gi sinn, mä déi ee konnt dagdeeglech erfueren. Den Zentrum vun der Stad huet sech lues a lues vu sengen Awunner eidel gemaach a Büroen hunn d'Plaz geholl. De Boulevard

Royal ass dat beschte Beispill fir dat, wat an de 70er Jore geschitt ass.

Déi Entwécklung geet haut weider. Op der Gare, um Belair, zu Märel, zu Eech, iwwerall. De Buergermeeschter vun der Stad seet, dass de Bebauungsplang vun der Stad vun 1992, dee probéiert fir déi Evolutioun ze stoppen, kee Mëttel ass fir eben do eppes ze ënnerhuelen. Dat heescht dass d'Gemengepäpp, d'Gemengepolitik keng Méiglechkeet huet fir esou eng Evolutioun ze stoppen. Dat féiert zum Verloscht vun Awunner, déi an d'Communes dortoirs an der Couronne vun der Stad Lëtzebuerg ofwanderen. Dat féiert zu enger Augmentatioun vun den Naveteuren, dem Zouhuele vum Verkéier. Dat ass alles dokumentéiert am Text iwwert de Programme directeur vum Aménagement du territoire, Ausbau vun de Communes dortoirs an esou weider.

An der Landesplanung hätte mer dann een Instrument fir déi Evolutioun, déi manifestement eng Partie Schieflage produzéiert, opzehalen. Dat wier de Programme de plan directeur régional. Do liesen ech awer am Text, dee mer kritt hunn: „Aucun des plans directeurs régionaux n'a dépassé le stade informel." An de Minister huet jo och de Mëtteg a senger Ried duergeluecht, dass et besonnesch fir d'Region Centre-Sud, mat där ech mech hei befaassen, schwéier gestallt ass. Mä fir mech wär dat op jidde Fall en Instrument fir d'Entwécklung ze bremsen, respektiv a raisonabel Bunnen ze kéieren, déi ee fir den Ableck nach net gesäit.

An der Region Centre-Sud ass jo och nach eng Ënnerregioun virgesi ginn, nämlech déi sougenannt Agglomeratioun vu Lëtzebuerg, Agglo-Lux wéi se genannt gëtt, an do soll sech da méi concertéiert ginn, soll probéiert ginn ze coordonnéieren, an den Här Minister huet jo och gesot, de Buergermeeschter vun der Haaptstad hätt schonn am Oktober 2002 eng Partie Gemengen zesummebruecht, fir ze kucke wéi ee sech kéint coordonnéieren. Ech weess elo net als klengen Oppositiounsgemengeconseiller vun der Stad Lëtzebuerg wat amgaangen ass do ze lafen.

***(Interruptions)***

Mir versti wat mer wëlle soen. Ech weess also net wat do geschitt, mä ech constatéieren, dass déi Agglomeratioun, an där mer dra sinn an an där d'Stad Lëtzebuerg den Zentrum ass, sech net strukturéiert an dass do nach weider sech ausenaner gelieft gëtt. Wann zum Beispill d'Stad Lëtzebuerg de Parking flächendeckend op der ganzer Stad payant mécht, dann huet dat natierlech Konsequenzen op déi Gemenge ronderëm an da ginn déi forcéiert ipso facto, ouni dass do iergendeng Koordinatioun geschitt, fir datselwecht ze maachen oder fir Mesuren ze huelen, fir de Parkingproblem an de Grëff ze kréien.

Et gëtt eng Hellewull vu Problemer, déi ech kënnt opzielen. Wa mer zum Beispill Leit an der Stad schaffen hunn, déi an Niewegemenge wunnen an deenen hir Kanner an d'Primärschoul ginn, da bréngen déi Elteren hir Kanner mat an d'Stad an hätte se gären do an d'Primärschoul. Da musse se deiere Minerval bezuelen, well een och net vun der Stad Lëtzebuerg ka verlaangen, dass si fir d'Primärschoul vun deenen anere Gemengen opkënnt. Do wier zum Beispill en idealen Terrain, wou d'Gemengen alleguerten zesumme sech kënnten eens ginn an net d'Elteren eleng loosse vis-à-vis vun där enger oder vun där anerer Gemeng, mä wou d'Gemengen ënner sech eens kënnte gi wat een do soll maachen, fir déi Mobilitéit, déi jo eben noutwendeg ass duerch d'Liewen haut, iwwerhaapt ze erméiglechen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Mir hunn ee Jorzéngtekonflikt, Här President, iwwert d'Kulturservicer. D'Stad Lëtzebuerg organiséiert Kultur, Theater, Concerts, huet e Conservatoire. Dat sinn alles Servicer, déi eng regional Bedeitung hunn. An da geet natierlech d'Stad Lëtzebuerg bei de Stat a seet, hëlleft ons wann ech gelift, gitt ons eppes bäi, an dat geet natierlech ni duer, well dat sinn deier Servicer. Mir bréngen et einfach net fäerdeg fir an der Regioun ënnert de Gemengen ze kucken, dass een dee regionale Charakter och an enger Participatioun vun de Gemenge ronderëm organiséiert. Wann zum Beispill am Conservatoire Kanner oder d'Halschecht vun de Kanner aus den Nopeschgemenge sinn, da wier et menger Ansicht no ubruecht, dass och d'Nopeschgemenge mat der Stad Lëtzebuerg esou e Service géifen droen. Datselwecht gëllt och fir den Transport. Den Autobus vun der Stad Lëtzebuerg, d'AVL, ass am Fong geholl e regionale Service. Dee geet iwwert d'Grenze vun der Gemeng eraus, mä et ass awer d'Stad Lëtzebuerg déi e bezilt, an och do wier menger Ansicht no eng regional Participatioun noutwendeg.

Ech mengen also, Här President, dass et wierklech hei an der Stad, an der Region Centre-Sud absolut noutwendeg wier déi Consultatioun ze lancéiere fir dee Plan directeur régional. Déi sympathesch Approche vum Programme directeur ass jo dee Bottom up, dat heescht, dat muss vun ënne kommen an dat muss sech dann entwéckelen. Do ass jo keng Planifikatioun, keng dirigistesch Approche. Mä ech froe mech awer, Här President, wéi mer et fäerdeg bréngen déi Consultatioun do op d'Schinn ze kréien, d'Leit zesummen ze bréngen a wierklech dat ze maachen, well dat profitéiert all den Awunner vun dëser Regioun, wann déi Gemenge géifen zesumme schaffen.

Ech mengen och, dass ee wierklech an der Regioun permanent Consultatiouns- a Concertatiounsstrukture misst schafen. Ech ka mer zum Beispill virstellen, dass een an der Region Centre-Sud, op jidde Fall an der Agglomeratioun vun der Stad Lëtzebuerg, ënner Eluë vun deene Gemengen do e Conseil régional géif organiséieren, wou déi sech emol géife gesinn, kënnten ausschwätzen, ee vis-à-vis vun deem aneren. D'accord, d'Buergermeeschteren an d'Schäffe komme vläicht zesummen, mä ech mengen och fir dat méi breet ze maachen, dass een an esou engem Conseil régional d'Elus locaux vun de Gemengen a firwat net och emol eng Kéier d'Société civile mat kënnt dobäi huelen, fir en Echange ze maachen. Och kënnt ee menger Ansicht no - dat Instrument ass jo ugeschnidde ginn - eng Convention de coopération fir ganz prezis Saache maachen, fir zum Beispill an der Schoul, an der Kultur wierklech emol konkret d'Problemer vun de Leit op déi Manéier tëschent de Gemengen ze léisen.

Ech hunn opmierksam jidderengem nogelauschtert. Mir hunn de Mëtteg hei wierklech ganz grouss Landespolitik gemaach. Mä, wann ech mer elo iwwerleeë wat dann an deenen nächste Méint oder Jore fir d'Leit konkret dobausse kënnt erauskommen, hunn ech eigentlech nach net ganz vill erfuer, an dofir mengen ech wierklech wier et och néideg fir direkt, op jidde Fall ass dat mäi Gefill als Elu local, mä och als een Elu vum Zentrum, dass ee konkret Resultater mat enger Partie Instrumenter fir d'Leit misst erauskréien. Dat also zu der Région Centre-Sud, Här President.

Just e leschte Punkt, wou ech am Fong geholl och nach net gesi wéi mer eigentlech mat dem Aménagement du territoire virukommen. Mir si jo amgaangen eng Uni ze organiséieren, eng Uni Lëtzebuerg, mir maachen e Kadergesetz, mä an där Uni Lëtzebuerg presentéiere sech eng Partie ganz konkret Problemer, an déi solle jo da geléist ginn tëschent 2003 an 2004. Zum Beispill, e wichtege Problem ass dee vum Site vun der Uni. Mir hunn dräi Sitë virgesinn, Esch-Belval, Walfer an d'Stad Lëtzebuerg. Do stelle sech awer, wann een esou eppes esou wäit an esou diversifizéiert organiséiert, eng ganz Partie Problemer vun zentralen Infrastrukturen, eng Bibliothéik mécht een op enger Plaz, et brauch een eng Partei gemeinsam Servicer, och administrativ Servicer. Et brauch ee Relatiounen zwëschent deenen dräi Siten, an ech froe mech ob do net d'Landesplanung kéint eng Hëllef si fir esou eppes schonn am Virfeld ze plangen. Net dass mer eppes dohinner stellen an da fänke mer un duerno ze probéiere wéi dat dann zesumme passt. Ech mengen, am Virfeld misst een déi Reflexioun maachen, fir ze kucken dass dat herno och esou gutt wéi méiglech fonctionnéiert.

Dat ass nëmmen ee Beispill, Här President, mä ech constatéieren, dass mer eng ganz Partie där Beispiller an der Vergaangenheet haten an och an der Zukunft wäerten hunn an dass mer et meeschtens verpasse fir am Virfeld landesplaneresch déi Saachen esou gutt ze organiséieren, dass se herno am Intérêt vun de Leit alleguerten am Beschte fonctionnéieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir féieren haut - an dat ass eng Raritéit an dësem Haus - en Débat de consultation, deen op Wonsch vun der Regierung gefrot ginn ass, dat ass de Charakter vun esou engem Débat, iwwert den Aménagement du territoire oder méi richteg iwwert de Plan directeur dovun.

Ech muss soen, ech wier och als Member vun der Ëmweltkommissioun frou gewiescht, wa bei där Virstellung vun dem Dokument d'Ëmweltkommissioun och mat abezu gi wier. An et huet een effektiv e bëssen d'Gefill - ech ka mech do engem vu menge Virriedner nëmmen uschléissen -, dass deen Débat hei e bëssen iwwert de Knéi gebrach ginn ass.

Mais soit, dat ass en Thema deen eis jo awer scho laang beschäftegt, an ech hunn am Fong geholl, Här Minister, an ärem Virwuert ee Saz zréck wëllen halen, wou Dir sot: „Le programme directeur est l'instrument idéal pour développer, sur base d'un large débat, …" - an dat ass jo iergendwou de Wesenszuch vun där ganzer Saach hei - „…des visions d'avenir communes pour les dix années à venir."

Domadder ass eigentlech de Kader vun dësem Exercice gezeechent, dee sech haaptsächlech - an ech wëll den Akzent dorop leeën - virum Hannergrond vun der Nohaltegkeet a vun där Nohaltegkeetsdebatt, déi mer hei an dësem Haus gefouert hunn, ofspillt. Et ass een immens vaste Feld, et beréiert praktesch all ministeriell Departementer, et zéit sech queesch duerch d'Institutiounen, souwuel staatlech, wéi kommunal, wéi regional, sou wäit wéi se bestinn.

Ech wëll a menger Interventioun hei, nodeem datt mäi Kolleeg Jaerling een Deel ofgehaakt huet, besonnesch dee wat d'Gemengen ubelaangt, e bëssen op d'Aspekter vun Nohaltegkeet, Naturschutz an zwangsleefeg och Landwirtschaft agoen.

D'Gesetz vum 21. Mee 1999 seet, datt den zoustännege Minister eigentlech nëmme Koordinatiounsaufgaben huet, a limitéiert och iergendwéi seng Influenz an deene Felder wou en aktiv ass. Do eraus huet sech mol eng Kéier eng Diskussioun erginn, ob eigentlech net den Aménagement du territoire misst direkt an d'Hand vum Premierminister kommen, well et jo wierklech ressortiwwergräifend ass.

Anerer sinn der Meenung, well et hei ëm den Territoire geet, ëm d'Landesplanung, e wier am beschten an der Hand vum Ëmweltminister. An dëser Koalitioun si jo aner Usiichte gewiescht - dat hu mer och beim Waasserschutz gesinn - wéi bei där Koalitioun virdun; mä ech mengen dat wier net wichteg.

Wichteg ass, wann de Minister Koordinatiounsaufgaben huet, datt am Gesetz, an an deem wat hannendru kënnt u Pläng, de Kader sou exakt gezeechent ass, datt d'Regierung a gewësse Contraintен ass, datt se sech muss un dee Kader halen, deen hei virgezeechent gëtt.

Den Artikel 4 seet: „Le programme directeur constitue la synthèse des programmations sectorielles de départements ministériels dont il assure la coordination." An doraus ergëtt sech déi prinzipiell Fro vum gesamte Stellewäert, dee mir bereet sinn der Politik vum Aménagement du territoire anzeraumen.

Bis elo hat ee jiddefalls, Här President, net ëmmer d'Impressioun, datt mat System a mat Concertatioun geschafft gi wär. Ech wëll eent vun de Beispiller, wat mir wierklech um Häerz läit, dat heiansdo ech géing bal soe planloost Baue laanscht eis Stroossen, wëlle kritiséieren, quitte datt dat zu engem Deel an de Kompetenze vun de Gemenge läit. Mä ganz sécher huet de Stat do versot. Eis Dierfer, eis Uertschaften, och méi grouss Uertschaften, si leider vill ze vill ausernee gelaf. Et ass net méi deen Zesummenhalt do wéi e fréier war an et ass ze hoffen, datt an der Zukunft do ganz staark dergéint gehale gëtt.

Deen Débat hei fënnt och statt virum Hannergrond vun der 700.000-Awunner-Diskussioun. Do huet jo de Wand gedréint. Déi meescht sinn net méi sou sécher, datt mer jeemools eng Kéier dohinner kéimen, och wann et vläicht - ech soe bewosst vläicht - d'Wonschdenke vun der Regierung ass oder Leit mengen, wéinst de Pensioune misste mer dann awer eng Kéier dohinner kommen.

Et gëtt Leit, Wëssenschaftler, déi ganz aner Theorië vertrieden, an do gëtt et e Professor Birg, hien ass Direkter vum Institut für Bevölkerungsforschung zu Bielefeld. Hien huet e Buch eraus bruecht, wou e wëssenschaftlech Prognosë stellt, net nëmme fir Däitschland, mä fir d'ganz sougenannten industrialiséiert Welt, an déi gesinn net ganz encourageant aus - loosse mer mol esou soen.

Prognosen déi awer op prezisen Daten an Ëmfroe berouen an aus deenen ervir geet, datt mer de Moment nach hei, wa mer Lëtzebuerg huelen, zwar en Zouhuele vun der Populatioun konnte feststellen, mä datt ganz generell an den entwéckelte Länner, an den industrialiséierte Länner, d'Populatioun drastesch wäert zréckgoen, wa mer mol op 2050 kucken, well ganz einfach den Taux de natalité enorm erof geet an, laut deem wat do festgestallt ginn ass, wahrscheinlech nach wäert erof goen.

Dofir gëtt deen Débat, dee mer de Moment féieren, vläicht virun engem irrealen Hannergrond gefouert. Mä egal wéi et kënnt, ech menge mir hunn eng prinzipiell Obligatioun fir - ech géing do dräi Punkten ervirhiewen:

1. suergsam mat eisen natierleche Ressourcen ëmzegoen, ech gesinn do an éischter Linn de Buedem, d'Waasser an d'Bëscher;

2. d'Prinzipie vun der Nohaltegkeet an allen Domäner ze respektéieren, ech gesinn do virun allem d'Energie, d'Offallpolitik oder d'Bewirtschaftung, d'Land- an d'Forstwirtschaft;

3. d'Liewensqualitéit fir d'Populatioun ze verbesseren an ze assuréieren.

Zum Buedemverbrauch. Et ass ganz kloer, datt mer déi lescht Joren enorm Buedem duerch de Wunnengsbau an déi unhängeg sozial Ariichtungen, duerch den Développement vun de wirtschaftlechen Aktivitéiten, dat heescht vun de Betriber, an duerch d'Schafung vun neie Verkéiersinfrastrukture verbraucht hunn. Dat hänkt zum Deel mat der Entwécklung vum Land zesummen, awer nëmmen zum Deel.

Mir wëssen datt mer ëmmer erëm d'Diskussiounen iwwert d'Aart a Weis féieren, wéi mer bauen. An do muss ee ganz däitlech soen, datt mer an der Vergaangenheet, an de vergaangene Joren, einfach an d'Fläch, an d'Breet gebaut hunn, wou et och anescht gaange wier. Et gëtt praktesch nëmme Grande-Surfacë gebaut, déi op engem Niveau gebaut ginn, mat rise Parkflächen dobäi, déi och erëm nëmmen op der Oberfläch fabrizéiert ginn, wou ee grad esou gutt hätt kënnen op zwee, dräi oder véier Niveauen an de Buedem bauen an d'Parkingen och op verschidden Niveauen an de Buedem hätt kënne leeën. Do hu mer bis elo guer keng Rücksicht geholl.

Et gëtt Theorien déi soen, et misst een eng Versigelungsteier aféieren. Doriwwer kéint ee jo da mol eng Kéier diskutéieren. Dat ass eppes, wat natierlech net iwwerall mat Freed opgeholl gëtt. Mä et ass jiddefalls net ze verëntweren, datt mer weiderhin eisen Territoire, dee bis elo nach vierge ass - wann ech e sou däerf nennen -, däerfe sou verbëtze wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Wa mer iwwert d'Verkéiersinfrastrukture schwätzen, soe mir jiddefalls, datt een an der Zukunft de Stroossebau soll op dat wierklech Onëmgänglecht, Noutwendegt beschränken. Mir soen och näischt neies wa mer soen, datt den öffentlechen Transport muss ausgebaut ginn. Leider ass an der Vergaangenheet villes do verpasst ginn, sou datt mer e grousse Retard opzehuelen hunn.

Mir bleiwen - och wann dat éinescht hei contestéiert ginn ass - bei eiser Opfaassung, datt een den öffentlechen Transport sollt fiscaliséieren. Dat heescht, datt een e soll gratis ubidden; wéi een dat dann och ëmmer an der Praxis organiséiert kritt.

Ee Wuert zu de Busser. Et ass jo iergendwéi d'Opfaassung datt d'ganzt Land misst mat Buslinnen iwwerzu ginn, well jo jiddfereen zu all Zäit vun all Punkt op all Punkt sech muss bewege kënnen. Ech muss soen, wann ech feststelle wat de Moment do leeft, dat ass net méi sériö.

A mir froen datt, niewent deene Linnen déi wierklech sënnvoll an ausgelaascht sinn, ee sech mol soll d'Iwwerleeunge maache vun engem zentralvernetzten Taxisystem, fir deen dann och optimal auszenotzen a wou een dann net muss mat esou schwéieren Enginën dohier fueren, an déi dann och wierklech nëmmen zum Asaz komme wa se wierklech gebraucht ginn.

E Wuert zur Dezentralisatioun mat deene sechs Regiounen an de Schwéierpunkten. Ech hidde mech dovir, fir hei elo iwwert d'Ostregioun ze schwätzen, mä ech mengen de Stat muss och do seng Responsabilitéit iwwerhuelen. Well nëmmen da wann de Stat - leider ass och do an der Vergaangenheet fierchterlech gesënnegt ginn - d'Schoulen, d'Lycéeën dezentral opriicht, da wäerte sech och do ronderëm aner Aktivitéite grefféieren, privatwirtschaftlech Aktivitéiten, wat dann och wierklech zur

Dezentraliséierung an zur Regionaliséierung bäidréit. Et muss d'Zil sinn - do si mer mat der Regierung d'accord -, datt ee wunnen, léieren a schaffe méi regional zesumme gesäit, virun allem fir d'Déplacementer kënnen ze reduzéieren.

Ech wollt, Här President, nach e Wuert iwwert déi sougenannte Multifunktionalitéit vun der Landwirtschaft a vum Wäibau soen. Et ass wichteg, dass d'Landwirtschaft hiert Produktiounspotenzial, nämlech de Buedem, erhale kritt. Ech hunn et éinescht gesot, et gëtt vill Buedem verbraucht duerch d'Bauaktivitéiten. Et gëtt es och verbraucht duerch Ausgläichsplanzungen: Wa Bësch ewechgehae gëtt, da muss Bësch amplaz kommen. Wat déi landwirtschaftlech Surfacen ubelaangt, do ass dat keng Selbstverständlechkeet, dat heescht et geet all Kéiers op Käschte vun der landwirtschaftlech genotzter Fläch.

Ech si frou dass virgesinn ass - konnt ech liesen -, déi landwirtschaftlech Terrainen opgrond vun hirer Eegenung fir d'Agraproduktioun ze klassifizéieren an ech hoffen, datt wann e Buedemschutzgesetz kënnt, dass dann awer och wierklech déi produktiv Flächen esou geschützt gi wéi dat muss sinn, well mir sollen eis näischt virmaachen. Mir liewen am Moment an enger Iwwerflossgesellschaft, mä et ass wichteg dass mer och hei zu Lëtzebuerg déi eegen Ernährungsgrondlag sécheren an dat wat mer de Moment ze vill produzéieren oder ze vill hunn, och an Europa, gëtt nëmmen duerch Importer vu Grondnahrungsmëttelen a vu Fuddermëttele provozéiert.

Wichteg ass och am Zesummenhang mat der Energiepolitik, datt eis Energiepotenzialer déi nohalteg Energieproduktioun optimal notzen. Ech widderhuelen et nach eng Kéier, dass d'Landwirtschaft an d'Forstwirtschaft eng eminent wichteg Roll dran ze spillen hunn, an dass et onverantwortlech ass fir d'Terraine brooch leien ze loossen, wéi dat elo erëm an dem Här Fischeler senge Virschléi geplangt ass, wou ee se awer kéint notzen iwwert d'Photosynthèse fir ëmweltfrëndlech Energie zum Beispill fir Biogas ze produzéieren.

De Moment, Här President, hu mer eng Tendenz an der Regierungspolitik fir dem absoluten Naturschutz de Virrang ze ginn, och an der Notzung vun de Bëscher. Dat ergëtt kee Sënn. Nohalteg bedeit och d'Ressourcë vun de Bëscher a vun der Landwirtschaft ekonomesch ze notzen an net, esou wichteg wéi eng Biodiversitéit och ass an esou wichteg wéi et och ass fir Zones protégées ze schafen, hinzegoen an dat generell zur Bibel ze maachen, well och déi ekonomesch Notzung am Sënn vun der Nohaltegkeet wéi zum Beispill d'Energieproduktioun immens wichteg ass.

Här Minister, Dir schreift iwwert den Energieverbrauch an der Landwirtschaft just eng Zeil, an zwar datt d'Circuits régionaux am Domaine alimentaire wënschenswäert wären. Dat ass schéin a gutt. Mir wëssen awer, dass d'Realitéit eng aner ass, an zwar dass leider haut Nahrungsmëttel iwwer immens grouss Strecken hin- an hiergefouert ginn, well einfach och d'Distributioun eng aner ginn ass. Ech wéilt just ënnersträichen, dass och den ënnerlandwirtschaftlechen Energieverbrauch vu grousser Wichtegkeet ass an datt een duerch aner Beaarbechtungsmethoden zum Beispill vill Energie am Ënnere vun der Landwirtschaft kann aspueren. Duerfir muss ee Sensibilisatioun maachen, duerfir muss ee Moossinstrumenter hunn an duerfir muss een och déi Leit, déi doranner schaffen, encouragéieren.

Här President, ech kéim zum Schluss, well wann ech richteg hei gesinn, dann ass meng Zäit ofgelaf.

Une voix.- Ewell laang.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- D'Auer stung eng Zäit hei an du wosst ech net méi wou ech dru wär. Elo geet se erëm. Dat ass d'Explicatioun, soss hätt ech virdrun e bësse méi séier gemaach. Ech maachen duerfir elo Schluss.

Här President, am grousse Ganze si mir mat den Orientatioune vun der Regierung d'accord, mat deene Reserven déi den Aly Jaerling, wat d'Energiebesteierung ubelaangt, hei ugemellt huet. Villes hänkt am Detail vun de sektoriellen a regionale Pläng of, awer och, an dat ass mäi lescht Wuert, vun der Fäegkeet vun de ministeriellen Departementer an de Gemenge fir verschidde Chasses gardées wëllen opzeginn a kooperativ zesummenzeschaffen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Innenminister Michel Wolter.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wollt merci soe fir eng ganz interessant an interesséiert Diskussioun, déi de Mëtteg zur Landesplanung gefouert ginn ass, an där villes gesot ginn ass mat deem ee sech identifizéiere kann. Et ass vill Kritesches ubemierkt ginn. Et sinn eng Rei Wourechte gesot ginn an et sinn eng Rei Propositioune gemaach gi wéi een et an Zukunft kéint besser gestalten.

Villes wat haut gesot ginn ass, ass och scho virun enger Rei vu Joren an ähnlechen Debatte gesot ginn. Et ass d'ailleurs eng Diskussioun, déi jo reichlech ënner Ausschluss der Öffentlichkeit stattfënnt - ech gesinn do uewen d'Kolleege vun der Press, déi hu sech alleguerte schonn an aner Gefilde ewechgemaach - wéi een och an deem heiten Domän an der Chamber - dat muss ech och eng Kéier soen - ëmmer deeneselwechte Gesiichter erëm begéint, déi mat grousser Inbrunst an Intérêt un der Diskussioun deelhuelen, esou wéi een anere Leit net begéint.

Dat kéint ech weiderféieren um Niveau vun de Gemengen, um Niveau vun de Regiounen an um Niveau vun de Ministèren. Ech mengen, wa mer realistesch sinn, dann ass dat ee vun de Problemer, an zwar de Problem dass, ier een an der Landesplanung Wesentleches ännere kann, een e Mentalitéitswandel muss erbäiféieren, e Mentalitéitswandel deen ech gesinn, deen awer ganz luese Schrëttes kënnt a wou et viller Iwwerzeegungsaarbecht bedingt fir dat ze maachen. Dat aus Grënn, déi virdru gesot gi sinn, well en fin de compte d'Landesplanung keng direkt Kompetenz huet, mä eng Zort vu Kooperatioun spille soll, esou dass d'Landesplanung also zum groussen Deel en Instrument ass, och haut nach, wat effektiv da genotzt gëtt, wann een op aneren traditionnelle Weeër net méi esou richteg vijënzeg an hannerzeg kënnt. Woubäi een awer als positiivt Element ka soen, dass iwwerhaapt d'Landesplanung elo ufänkt an enger ganzer Rei vun Domänen net nëmme Gespréichspartner ze ginn, mä och d'Geleet vun enger Rei vun Dossieren an deene leschte Joren iwwerholl huet.

Iwwer eppes ass de Mëtteg guer net geschwat ginn, wat e wesentleche Facteur ass an der Landesplanung, an dat ass den Intérêt privé. Mir hu vill iwwert de Stat geschwat. Mir hu vill iwwert d'Gemenge geschwat. Mir hunn awer e wesentleche Facteur vergiess, deen d'Landesplanung ganz entscheedend beaflosst, notamment d'Domänen, déi den Här Mehlen elo just ugeschwat huet. Wann et drëm geet an der kommunaler Bebauung wéi och a ganz ville Projeten, déi mer hunn, wat d'Bebauung am nationalen Intérêt ubelaangt, muss een einfach wëssen, dass do och privater, a wann ee seet privater, dann eben och Wirtschaftsintérêten dohanner stinn, déi et engem bei der Fannung vun den Décisiounen net ëmmer méi einfach mécht.

Ech wollt nach eng Kéier hei reagéieren, fir d'Deputéierten drop opmierksam ze maachen, a besonnesch déi, déi sech an deenen nächste Wochen op dee fir mech ganz wesentlechen Débat vun der Restrukturéierung vun de Kompetenzen tëschent dem Stat an de Gemenge preparéieren, dass déi Debatt, déi mer haut gefouert hunn, wou ech vun alle Säite Kritik awer och Luef héieren hunn, mä wou ech awer héieren hunn, dass sech mat de Grondprinzipien, vun deem wat am Programme directeur steet, identifizéiert ginn ass, fir mech wesentlech Konsequenze kritt op déi Debatt, déi dann hannendru steet. Wa mer nämlech iwwert d'Kompetenze vum Stat a vun de Gemenge schwätzen, wa mer iwwert d'Kompetenzopdeelung schwätzen, da musse mer deen heite wesentleche Punkt och mat an d'Diskussioun eranhuelen.

Mir mussen duerchstarten, dat ass d'Erausfuerderung, an dat ass vun enger ganzer Rei vu Riedner gefrot ginn. Mir mussen Neel mat Käpp maachen. Mir mussen also sécherstellen, dass mer déi hehr Prinzipien, déi mer à ce stade op fräiwëlleger Basis schonn applizéiert hunn, och ëmgesat kréien. A wéi besser kéinte mer se ëmgesat kréie wéi duerch eng Reorganisatioun, duerch eng Redefinitioun vun den Aufgaben tëschent deenen engen an deenen aneren, mat enger neier Kollaboratioun, enger Neirestrukturatioun och vun der Kollaboratioun tëschent dem Stat an de Gemengen, an dat am Sënn vun de Prinzipie wéi de Programme directeur se virgesäit?

Dat bedingt, Dir Dammen an Dir Hären, a mengen Ae wesentlech Veränneruнge par rapport zum System, dee mer haut kennen. Dat bedingt, dass de Stat seng Organisatioun iwwerdenkt, dass wa mer notamment de Prinzip vun deene sechs Regioune seriö huelen, wa mer de Prinzip vun der regionaler Zesummenaarbecht seriö huelen, wa mer de Prinzip vun de Plans sectoriels seriö huelen a wa mer den IVL seriö huelen, dass de Stat um Niveau vu senge Servicer an och um Niveau vun der Kooperatioun tëschent de Servicer aner Weeër goe muss, an zwar net op fräiwëlleger Basis, mä méi strukturéiert, dass de Stat sech och muss Gedanken driwwer maachen, ob déi Andeelung a sechs Planungsregiounen net och den Nidderschlag muss fannen a senger Organisatioun vun enger ganzer Rei vu Servicer, déi zum Deel regional haut scho strukturéiert sinn. An ech géif do keng ausschléissen, inklusiv déi juridictionnel Andeelungen déi mer kennen.

Wa mer wëllen, dass déi Regiounen an Zukunft eppes ginn, sinn ech der Meenung, dass mer eng ganz Rei vun Ëmdenkungsprozesser elo mussen an d'Weeër leeden. Ech hunn dofir och meng Kolleegen an der Regierung ugeschwat, fir am Kader vun der Debatt „réorganisation Etat-communes" emol Virschléi ze maachen, wéi si sech kéinte virstellen, dass een eng Reorganisatioun vun deene Servicer virhëlt um Niveau vum Stat, déi an där Regioun sinn, a wéi een iwwerhaapt eng Restrukturéierung vun enger Rei vun Aktivitéiten op dem Prinzip vun der Regionalisatioun kéint ubannen. Ech schléissen do d'ailleurs d'Organisatioun a mengem eegenen Haus net aus, déi sech och am Fong an 150-jähreger Traditioun nach ëmmer beweegt, wann een déi Prinzipien hei wëll seriö huelen a wann een déi Regiounen an hirer Struktur wëll zu eppes Seriöes maachen, a wann ee gären hätt, dass d'Gemenge sech an de Regiounen zesumme fanne fir ze schaffen, ee sech muss Gedanke maachen. Ech fuerderen am Fong déi eenzel Parteien op, am Kader vun der Debatt Etat-communes, sech iwwert déi dote wesentlech Aspekter net nëmme Gedanken ze maachen, mä se le moment venu och auszeschwätzen.

Dat bedéngt awer och, Dir Dammen an Dir Hären, dass mer um Niveau vun de Gemengen eppes änneren. Déi wesentlech Fro, déi ech mer stellen, och am Kader hei vun der Regionalisatioun a vun der Fro, wéi mer dann déi Servicer um Bierger, well dorëms geet et jo haaptsächlech, besser kënnen ubidden, wéi mer dat haut hunn, ass déi: Wat fir eng Servicer wëlle mer dann op wat fir engem Niveau usiedelen: Stat, Regioun, Gemengen? Et ass net eréischt un der Zäit driwwer nozedenken, wa mer soen déi do an déi do Servicer ginn op engem gewëssenen Niveau ugebueden, well awer um Niveau vun de Gemengen een déi Strukturen an déi Masse critique muss sécher stellen déi noutwendeg sinn, fir dass een déi Aktivitéiten och kann ëmsetzen.

A mengen Ae mécht déi regional Zesummenaarbecht nëmme Sënn, wa mer sécher gestallt hunn dass op all Niveau, ob dat beim Stat, an den Aktivitéiten déi vun de Gemengen zesummen an der Regioun, respektiv awer och an deenen Aktivitéiten déi vun der Gemeng selwer sollen an Ugréff geholl ginn, mer definéieren, wat sinn d'Grondmissiounen déi eng Gemeng muss ubidden, an dass mer och kloer an däitlech soen, dass wa mer der Meenung sinn, dass am Gemengesecteur eng gewëssen Aktivitéit soll stattfannen, dass mer och musse Moyenen en place setzen. Dat geet bei der Aart a Weis u wéi d'Gemengen organiséiert si bis zu deene Froen déi den Här Meyers richtegerweis opwerft, nämlech déi vum Finanzement.

Da soen ech, bis elo war all Mënsch domat d'accord, an da ginn ech emol op e konkret Beispill an, nämlech dat vum IVL, integratiivt Verkéiers- a Landesentwécklungskonzept. Nëmme vill Luef hunn ech driwwer héieren. All Mënsch ass domat d'accord dass mer dat maachen, vill Leit hu gesot dat hätte mer scho viru laanger Zäit misste maachen. An deem Konzept soe mer, mir dréinen d'Situatioun vun haut ëm. Mir ginn also net hin a soe fir d'éischt baue mer eng Aktivitéitszon, eng Industriezon oder eng Entwécklungszon, an da baue mer Stroosse fir ze kucken dat unzebannen, mä mir soen, mir kucken eise Réseau, eist Stroossennetz an awer och den öffentlechen Transport, an da maache mer e Plang fir d'Aktivitéiten an Zukunft do unzesiedele wou mer eng méiglechst gutt Auslaaschtung kréie vun de bestehende Réseauen, an dass mer déi Réseauen nëmmen ausbaue wa mer zur Konklusioun komm sinn, dass eng absolut Noutwennegkeet besteet fir dat ze maachen.

Dat bedéngt, Dir Dammen an Dir Hären, an der leschter Konsequenz, dass wa mer dee Plang do eng Kéier hunn, a wa mer deen duerchdiskutéiert hunn an deenen eenzelne Regiounen, dass mer Décisioune mussen huelen. Dass mer musse soen zu der Gemeng XY: Lauschtert, Dir hutt an Ärem Plan d'aménagement eng Industriezon virgesinn, awer aus landesplanneresche Grënn si mer zur Konklusioun komm, dass déi Industriezon net kann développéiert ginn, well se de Kritären net entsprécht vun enger nohalteger Entwécklung vun eisem Land; an dass mer dem Buergermeeschter an der Gemeng Y, deen dat haut nach net huet, musse soen: Lauschter, Du hues eng gutt Ubannung un den Zuch, Du hues eng gutt Ubannung un den öffentlechen Transport, Du hues eng gutt Ubannung un de private Verkéier, Du hues en Anzugsgebitt wat akzeptabel ass, do kënne mer notamment Frontalieren och opgräifen, also si mer der Meenung, dass déi Développementer an Ärer Gemeng solle stattfannen.

Da soen ech Iech, dass mam bestehende Prinzip vun der Autonomie communale, deen ech haut nach all Dag begéinen, mer do net weider kommen. Ech ginn Iech e Beispill. Ech hunn dee leschte Mount vun der Stad Lëtzebuerg e Plang erakritt op véier Säite fir den zukünftegen Développement vum Süde vun der Stad Lëtzebuerg. Moi je veux bien. D'Stad Lëtzebuerg plangt, nodeem se mat kengem doriwwer geschwat huet, op jidder Fall net seriö, 26.000 nei Aarbechtsplazen am Süde vun der Stad Lëtzebuerg.

***(Interruption)***

An 20 Joer oder net an 20 Joer.

Wa mer 26.000 nei Aarbechtsplazen am Süde vun der Stad Lëtzebuerg wëlle maachen, ouni - well déi Planung hält nämlech genau mat den territoriale Grenze vun der Stad Lëtzebuerg op - e Gesamtkonzept ze hu mat den Nopeschgemengen an engem Verbund - vun AGLOLUX ass geschwat ginn -, an ouni dass mer dat am IVL nokucken, an ouni dass mer sécher stellen, dass et da compatibel ass mat deenen Objektiver, déi mer eis am IVL setzen, da soen ech, dann hale mer mat der Landesplanung op, well dann ass nämlech dat éischt d'Beispill, wou sech weist ob mer bereet sinn, déi Aart a Weis no där mer haut schaffen, nämlech dass de Ministère an all senger Pracht an 118 eenzel Gemengen an all hirer Pracht, jiddfereen no sengem beschte Wëssen a Gewëssen - ech ënnerstellen dat net - seng Décisiounen hëlt, an dass mer awer feststellen, dass déi 119 Décisiounen net onbedingt eng national Politik dee Moment erginn, da brauche mer net iwwer Ziler ze diskutéieren, wann dat, wéi soll ech soen, das Mass aller Dinge bleift. Dofir soen ech, dass fir mech den IVL an d'Konklusiounen, déi mer aus dem IVL mussen zéien a wäerten zéien, politesch gesinn de Knackpunkt vun der Saach ginn.

De BTB, Dir Dammen an Dir Hären, an der aler Avenue ass gestuerwen…

***(Interruption)***

…oder an der neier Avenue.

Dat fir ze soe wéi mer et fäerdeg bréngen och Diskussioune vun engem relativ ieweschten Niveau op e relativ, wéi soll ech soen, fir jiddferee verständlechen Niveau erof ze kréien. An ech hoffe just, wa mer iwwer Landesplanung schwätzen, dass et dem IVL net d'selwecht geet, dass mer eis esou identifizéiere mat den Ziler vum IVL, dass den IVL och iergendwou an iergendenger Avenue e Begriefnes wäert kréien, well d'Konsequenz nämlech vun deem, wat mer wëlle maachen, eng Ëmkéier ass vun deem wat mer haut gewinnt sinn, nämlech dass jiddfereen op sengem Territoire seng Décisioun hëlt.

Ech hunn den IVL geholl. Den Här Fayot huet eng ganz Rei vu Beispiller gesot, wéi d'Fro vum Minerval vun de Schoulen. Ech kéint d'Fro vun de Musikschoulen dobäi ufëieren, wou mir et net fäerdeg bréngen tëschent 118 Gemengen an enger fräier Diskussioun e Wee ze fannen, dass déi Gemengen déi e Schüler op eng gewësse Plaz schécken, och un de Käschte participéieren. Et besteet a gewëssene Regiounen, mä et besteet net iwwerall.

An dofir mengen ech, dass déi Diskussioun, déi mer wäerte kréien iwwert d'Reorganisatioun vun de Gemengen an iwwert d'Reorganisatioun vun de Kompetenzen tëschent Gemengen an dem Stat, eng wesentlech Diskussioun wäert ginn. An dann ass et selbstverständlech, dass mer déi finanziell Moyene mussen zur Verfügung

stellen, wa mer et eescht domadder mengen. Ech fäerten awer just, dass wa mer net bereet sinn un d'Strukturen ze goen, wa mer net bereet sinn driwwer ze diskutéieren am Fong, well déi Aart a Weis wéi mer eis organiséiert hunn, déi ass eis jo imposéiert gi vun de Fransousen, well mer liewe jo praktesch nach am Prinzip Enn 1700 an esou weider, a mir hunn doranner wesentlech näischt geännert, a wa mer net bereet sinn déi Strukturen opzebriechen an eis aneschters ze organiséieren, da wäert ganz villes Makulatur bleiwen, wat gutt um Pabeier steet, wat hei och a ganz ville Gedanke gefrot ginn ass, wa mer awer net aner Weeër ginn an dat net eriwwer kréien. An do stellt sech dann och eng wesentlech Fro, an déi hätt ech gären am Etat-communes geregelt, nämlech déi, wéi mir et fäerdeg bréngen e Partenariat ze schafen tëschent dem Stat an de Gemengen op deene wesentleche Punkten, wat d'Landesplanung an d'Entwécklung vun eisem Land fir d'Zukunft ubelaangt.

Et geet net nëmmen duer dass mer soen, jiddferee muss diskutéieren an diskutéieren, mir mussen och iergendwou eng Plaz hu wou eng Décisioun geholl gëtt, an zwar eng Décisioun geholl gëtt déi sech dann och applizéiere léisst, an net eng Décisioun geholl gëtt déi dann nees vun 23 individuellen Décisiounen hannendru praktesch ausgehielegt gëtt oder contrecarréiert gëtt. An ech weess, dass dat e ganz schwieregen Exercice ass.

Ech hunn d'Diskussiounen de près suivéiert um Niveau vun der Südregioun. Ech soen Iech, mir kéinte méi wäit sinn, well d'Südregioun, aneschters wéi aner Regiounen, huet och d'Moyenen elo scho gehat fir eng Rei vu Saachen.

Mir mussen eng Bewosstseinsbildung schafe bei de Gemengepolitiker, dass zur Gemengepolitik och d'Regionalpolitik gehéiert.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- D'Zwëschestrukturen tëschent de Gemengen an tëschent dem Stat feelen. Do muss awer dann den Impuls och vun uewen ausgoen, an de Wëlle fir sech ze dezentraliséieren, da geet et. De Wee vun der Gemeng bis zur endgülteger Décisioun am Ministère ass ze laang.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Jo, dat ass richteg.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Dat sinn déi Bemierkungen, déi esou eng Diskussioun futti maachen.

Une voix.- Dat ass eng gewëssen Arroganz!

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Dat kann ee soen, deen an der Stad Lëtzebuerg sëtzt un engem Schalthiewel, an deen am Fong onofhängeg ass vum Stat oder bal, dat ass typesch.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech sinn am Fong mat Iech d'accord. Ech hu jo a menger Interventioun gesot, dass et net duer geet eng Redefinitioun um Niveau vun de Gemengen ze maachen. Ech hunn ugefaangen andeem ech gesot hunn, et muss eng Redefinitioun um Niveau vum Stat stattfannen. Ech soen Iech just, et geet net duer dass mer just op där enger Säit oder just op där anerer Säit et maachen. Mir mussen, an dat ass mäi Wonsch, deen ech hei wëll ausdrécken, fir dass mer och weiderkommen an der Gemengefinanzreform, well fir mech ass dat Ganzt och e Ganzt. A vill Optiounen, déi ee kënnt huele wann et drëm geet d'Suen aneschters opzedeelen, aneren Attributiounen ze ginn, nei Fongen ze fannen, déi hänken awer och vill dovunner of iwwert déi Froen, déi mer am éischte Volet, nämlech dee vun de Strukturen, déi mer en place wëlle setzen, an de Méiglechkeeten, déi mer en place wëlle setzen, ob mer déi fannen oder ob mer déi net fannen.

Ech sinn och Partisan, wëll ech ganz kloer soen, dass mer en Deel vun deene Suen, déi an d'Gemenge ginn, zur Verfügung stelle fir regional Zesummenaarbecht ze maachen. Da musse mer eis awer, Dir Dammen an Dir Hären, driwwer eens ginn, dass wa mer dat maachen, dass jiddferee muss matmaachen. An da musse mer eis driwwer eens ginn, wat mer an deenen eenzelne Regiounen dann an déi regional Kooperatioun wëlle setzen. Dat sinn an enger ländlecher Regioun wéi am Norden héchstwahrscheinlech aner Domäner wéi am Süden. Et muss een héchstwahrscheinlech am Norden an deene ländleche Regiounen aner Strukture virgesinn, aner Forme vu Kooperatioun siche wéi dat am Süden oder am Zentrum ass. An der Agglomeratioun Luxembourg stelle sech d'Problemer wesentlech aneschters.

1920, Dir Dammen an Dir Hären, ass eng Äntwert net nëmme gesicht ginn, mä och fonnt ginn, dat war méi eng radikal. Ech stelle mer d'Fro, wa mer an de Grenze vun 1920 haut wären, ob mer d'Kraaft hätten an der Politik, ob mer d'Kraaft géife fannen an der Politik fir déi Décisiounen ze huelen, déi deemools geholl gi sinn. Ech plädéieren net fir eng Eingemeindung, wéi se deemools gemaach ginn ass. Ech soen Iech awer dass ech ganz staark dofir plädéieren, dass d'Gemengen an a ronderëm der Stad Lëtzebuerg eng Rei vu Kompetenzen zesummeleeën an aus de bestehende Gemengeréit eraushuelen, fir se op e regionalen Niveau ze setzen, well et nëmmen an der regionaler Kompositioun méiglech ass fir déi Décisiounen da kënnen och ze huelen an ëmzesetzen. Mir kënne Réunioune maache wou Gemengeréit zesumme kommen, alles schéin a gutt, mir kënnen diskutéieren, alles schéin a gutt, mir kënne jiddferee mat un den Dësch huele wann et drëm geet ze diskutéieren, mä, Dir Dammen an Dir Hären, mir brauchen och Plazen a Forume wou mer Décisiounen huelen, a mir musse Strukture schafen, an och gesetzlech Strukture schafen, déi eis et erlaben dass mer déi Décisiounen, déi da geholl ginn, an déi net d'Unanimitéit ëmmer fannen - maache mer eis guer näischt vir, well et gi verschidden Intérêten an deenen Diskussiounen - ëmsetzen.

An dat wëll ech gesot hunn zum Schluss, dat ass fir mech déi wesentlech Erausfuerderung: Wann deen Dossier hei vun der Landesplanung eppes wëll ginn, da muss deen Dossier, deen an zwee oder an dräi Méint kënnt iwwert d'Reorganisatioun vun de Kompetenzen tëschent Stat a Gemengen, sëtzen, an da musse mer do déi richteg Konklusioune kënnen zéien, fir d'Zukunft vun eisem Land op administrativem Plang ze strukturéieren. An da musse mer eis d'Fro stellen, op wéi enger Plaz maache mer wat am beschten, a wie soll dann op wat fir enger Plaz wat fir eng Décisioune kënnen huelen, fir dass et am Intérêt vun eis alleguerten ass. Dat ass déi Aufgab déi mer hunn, a wa mer déi gemeinsam net bewältegen, fäerten ech ganz, dass villes vun deem wat hei opgebaut ginn ass, villes vun deem wat an der leschter Legislatur opgebaut ginn ass, a villes vun deem wat an deenen nächste Joren nach soll kommen, Makulatur bleift par rapport zu deene wesentlechen Erausfuerderungen, déi mer an der Landesplanung hunn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.-Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge fanne statt den 1., 2. an 3. Abrëll an den Ordre du jour kritt Der schréftlech zougeschéckt.

Domadder wier d'Sitzung opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.43 heures)***

## MARDI, 1ER AVRIL 2003 — 44E SÉANCE — Présidence: M. Jean Spautz, Président

## Ordre du jour

1. Communications
2. Retrait du rôle du projet de loi 3176 concernant la diffusion d'oeuvres cinématographiques sous forme de supports d'images destinés à la vente ou à la location
3. Ordre du jour
4. Déclaration de politique étrangère présentée par Madame Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mmes Marie-Josée Jacobs, Erna Hennicot-Schoepges, M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Charles Goerens, Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.01 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwelch Matdeelung ze maachen?

***(Négation)***

Ass net de Fall.

### 1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Monsieur Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 28 mars 2003, le

*- Projet de loi 5111 portant modification de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux.*

A la demande du Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense, Monsieur François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement, a déposé, en date du 31 mars 2003, le

*- Projet de règlement grand-ducal 5112 concernant la participation du Luxembourg à la Mission de l'Union européenne en Ancienne République Yougoslave de Macédoine (ARYM).*

### 2. Retrait du rôle du projet de loi 3176 concernant la diffusion d'oeuvres cinématographiques sous forme de supports d'images destinés à la vente ou à la location

An hirer Réunioun vum 27. Mäerz huet d'Presidentekonferenz op Ufro vum Justizminister décidéiert, de Projet de loi 3176 iwwert de Vertrib vun de cinématographesche Wierker vum Rôle ze sträichen.

Ass d'Chamber domat averstanen?

***(Assentiment)***

Dat ass also esou décidéiert.

### 3. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, do schléit d'Presidentekonferenz Iech folgenden Ordre du jour vir, deen Iech schréftlech zoukomme gelooss ginn ass:

- Haut de Mëtteg mécht d'Madame Ausseministerin Lydie Polfer eng Deklaratioun iwwert d'Aussepolitik.

- Mar de Moien um néng Auer stinn op eiser Dagesuerdnung dräi Aktualitéitsstonnen:

1. eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der Fraktioun vum ADR iwwert d'Agrapolitik;

2. eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der Fraktioun vum ADR iwwert d'Aarbechtslosegkeet;

3. eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der sozialistescher Fraktioun iwwert den Enseignement musical.

- Mar de Mëtten um halwer dräi hu mer d'Debatt iwwert d'Aussepolitik nom Modell 2.

- Iwwermar, moies um néng Auer, hu mer eng Rei vu Projets de loi, fir déi d'Riedezäit nom Modell 1 ugewannt gëtt:

1. de Projet de loi 5024 iwwert déi finanziell Bedeelegung un der Fondation Henri Pensis an um Centre culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster;

2. de Projet de loi 4949 iwwert d'Festung vun der Stad Lëtzebuerg;

3. de Projet de loi 4857 iwwert d'Statskonte vun 1999;

4. de Projet de loi 4975, eng Konventioun iwwert d'Kannerrechter;

5. de Projet de loi 4966 A a 4966 B iwwert d'Iwwerféierung vun de Prisonéier

an als leschte Punkt d'Naturalisatiounen.

- En Donneschden nomëttes um halwer dräi hu mer d'Interpellatioun vum Här Lucien Weiler iwwert d'Héichwaasser an d'Iwwerschwemmungen nom Modell 1.

Ass d'Chamber mat deem Programm do averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

An elo héiere mer dann d'Deklaratioun vun der Madame Ausseminister Lydie Polfer iwwert d'Aussepolitik. Madame Polfer, Dir hutt d'Wuert.

### 4. Déclaration de politique étrangère présentée par Madame Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur

Mme Lydie Polfer, *Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst ass déi véierte Kéier, datt ech als Ausseminister d'Geleeënheet hunn an d'Éier, hei virun dëser Chamber d'Prinzipien, d'Objektiver, d'Zukunftsvisiounen an och d'Erausfuerderunge vun der Lëtzebuerger Aussepolitik, sou wéi ech se gesinn an ëmsetzen, duerzestellen.

Dëse Moment ass awer haut sou speziell, datt et néideg ass onsen Débat an de Kontext vum Krich am Irak ze setzen, an dorauser ze probéieren d'Konsequenzen ze zéie fir d'international Relatiounen an natierlech och fir Lëtzebuerg. Well och wa mer de Krich net gewollt hunn, musse mer eis elo awer mat sengen Ausleefer beschäftegen.

De Krich am Irak weist nämlech op eng dramatesch Aart a Weis, wéi eng wichteg Plaz d'Aussepolitik an der Gesellschaft anhëlt, a wéi se onst Liewen an Zesummeliewe bestëmmt.

Säit dem Donneschdeg, 20. Mäerz, gëtt den Irak bombardéiert a militäresch ënner Kontroll gesat vun enger Koalitioun, ugefouert vun Amerika. Dat huet Opfer gefuerdert, souwuel beim Militär, wéi och an der ziviler Bevölkerung. An ech wëll dëse Moment gebrauchen, fir alle Familljen a Bedeelegte vun den Affer eist déift Matgefill auszedrécken.

Ech wëll awer och den Engagement huelen, datt mir als Lëtzebuerger an ech och als Lëtzebuerger Ausseminister, mat enger ganz grousser Determinatioun alles wëlle maachen, wat mer kënnen, fir datt sou ee leschte Recours op militäresch Interventioun an der Zukunft net méi ubruecht ass, fir international Krisen ze regelen. Well Krich ass ëmmer net nëmmen eng Défaite vun der Politik an der Diplomatie, mä haaptsächlech onmoossegt Leed, Zerstéierung an Doud.

Dofir ass elo ze hoffen, datt de Krich sou schnell wéi méiglech op en Enn kënnt, an datt sou mann wéi méiglech Leit hiert Liewe musse loossen, an datt dann de Moment komm ass, wou en Irak kann opgebaut ginn, deen d'Mënscherechter respektéiert, an dee selwer e respektéierte Member vun der internationaler Gesellschaft ka ginn. D'UNO an och d'Europäesch

Unioun kënnen hëllefen, fir datt d'Ierfschaft vun deem bluddege Baath-Regime kann iwwerwonne ginn.

Ech hunn der Lëtzebuerger Regierung hir Positioun zu der Kris am Irak säit Oktober regelméisseg hei an der Chamber duergestallt, an dofir wéilt ech och hei nëmme kuerz nach eng Kéier op d'Evenementer vun deene leschte Méint a Wochen zréck kommen, fir datt mer trotz deene ville Krichsbiller och nach eng Kéier virun Aen halen, vu wou déi aktuell Situatioun hierkënnt.

Wéi et am Summer 2002 ëmmer méi Zeeche goufen, datt der amerikanescher Regierung hir Gedold mam Irak op en Enn géif kommen, huet d'international Communautéit, a besonnesch Europa, hir ganz Iwwerzeegungskraaft gebraucht, fir datt déi Fro am natierleche Kader vum Sécherheetsrot vun de Vereenegten Natioune géif behandelt ginn. Den 12. September 2002 huet dunn de President Bush an der Assemblée vun New York akzeptéiert, dee Wee ze goen, ouni de Gebrauch awer vun anere Mëttelen auszeschléissen, am Fall vun engem Echec. Et ass dunn drëm gaangen, d'Inspektiounen am Irak erëm un d'Lafen ze bréngen, iwwer e Mandat vum Sécherheetsrot, an dat an engem verstännegen Zäitraum dee géif erlaben, den Irak mat dëse friddleche Mëttelen ze entwaffnen, a seng Massevernichtungswaffen ze zerstéieren, respektiv Zerstéierungen, déi schonns gemaach waren, wierklech ze dokumentéieren.

Wéi ech de 4. Oktober zu Washington fir Gespréicher mat der amerikanescher Administratioun wor, hat ech selwer d'Geleeënheet, dem amerikaneschen Ausseminister eis Positioun duerzeleeën.

Den 8. November ass dunn eestëmmeg am Sécherheetsrot d'Resolutioun 1441 ugeholl ginn, an d'Inspektioune konnten erëm ufänken. Et war awer aus dem Text kloer eraus ze liesen, datt dëst déi lescht Chance géif sinn fir de Saddam Hussein, fir eng friddlech Entwaffnung virzehuelen, an datt och falsch oder onkomplett Deklaratiounen net méi toleréiert géife ginn, an datt dat zu seriöse Konsequenze kéint féieren, dat heescht zu engem militäreschen Entwaffne vum Irak.

D'Chefinspektere Blix an El Baradei hunn du regelméisseg dem Sécherheetsrot Rapport gemaach iwwer hir Aarbecht am Irak. Doraus huet sech erwisen, datt den Irak zwar net aktiv genuch kooperéiert hätt, mä datt awer de Regime vu Bagdad och net d'Inspektioune behënnert hätt. A mat der Zäit huet den Drock vun der internationaler Gemeinschaft éischt Resultater bruecht, wéi zum Beispill d'Zerstéierung vun Al-Samoud-Rakéiten. Parallell dozou hunn Amerika an England Dausende vun Truppen an d'Regioun geschéckt.

Et kann een also wuel soen, datt d'UNO hir Aarbecht gemaach hat, mä si konnt op eemol net méi viru goen. D'Kombinatioun vun den Inspekteren an dem militäreschen Drock hätt kënnen de Wee weise fir eng friddlech Léisung vum Konflikt. Leider wor keng Koordinatioun tëschent deenen zwee méi méiglech, a si sinn zu Konkurrente ginn.

Fir Amerika, fir England an och fir Spuenien war de 24. Februar de Moment komm, fir méi kloer drop hinzeweisen, datt d'Zäit vum friddlechen Entwaffnen op en Enn géif kommen. Frankräich, Däitschland a Russland hu sech deem entgéint gesat an hir Argumenter och dem Sécherheetsrot virgeluecht. D'Regierung hat de 26. Februar hei an der Chamber gesot, datt si vun deenen Argumenter, fir den Inspektioune méi Zäit ze ginn, iwwerzeegt war a sech weider géif asetze fir datt et zu engem friddlechen Entwaffne kéint kommen.

Obschonns nach lescht Kompromësser tëschent deenen zwee Lageren am Sécherheetsrot probéiert gi sinn, hat een awer domat ze rechnen, datt fir de President a fir d'Administratioun d'Affaire gelaf wär an de Krich nëmmen nach eng Fro vun der Zäit wär.

Den Ultimatum, deen de 17. Mäerz ausgesprach ginn ass, huet dat och nëmme bestätegt a mir wousste wat leider géif kommen. Kuerz ier dësen Ultimatum ausgelaf ass huet de Sécherheetsrot nach eng Kéier mam Här Blix iwwert säin Aarbechtsplang a seng Prioritéite befonnt an der Presenz vum franséischen, däitschen a russeschen Ausseminister, ënnert anerem, mä dat sollt awer néierens méi hiféieren.

D'Lëtzebuerger Regierung huet dunn den 18. Mäerz eng speziell Sitzung gehat an duerno d'Chamber hei iwwert hir Positioun am Fall vum Krich informéiert. Ech war frou kënne festzestellen, dass an där Sitzung iwwer all d'Fraktiounen eraus eng gemeinsam Analys an eng Ënnerstëtzung fir d'Haltung vun der Regierung do war. Mir waren a sinn eis weiderhin eens, dass de Moment vum allerleschte Recours net komm war, an datt op Basis vun deene leschte Rapporte vun den Inspekteren, fir den Irak friddlech ze entwaffnen, nach Méiglechkeeten do waren.

Ech war mer och kloer bewosst, dass eng Militäraktioun am Irak Konsequenzen op d'Regioun kënnt hunn an op d'Equiliberen zwëschent deene verschiddene grousse Partner am Golf an am ganze Mëttleren Orient. Ob déi Konsequenzen dann elo nei Perspektive géife gi wéi Washington dat ugedeit hat oder ob et méi komplizéiert géif ginn, esou wéi vill Europäer dat gefaart hunn, dat konnt kee viraussoen an dofir war de Risiko eben ze grouss fir et drop ukommen ze loossen.

Mir hunn dës militäresch Interventioun och net konnte guttheeschen, well si unilateral décidéiert gouf außerhalb vun de multilateralen Institutiounen, déi säit dem Enn vun dem Zweete Weltkrich ebe just déi Plaz sollte sinn, wou d'Krise geregelt sollte ginn. Während den Diskussiounen an der UNO, an der NATO an och an der Europäescher Unioun ass säit Januar ëmmer erëm probéiert ginn d'Unitéit ze wahren oder erëm ze fannen. Ech selwer hu mech bei menge Kolleegen Ausseminister ëmmer erëm agesat fir méi Moderatioun, Zesummenaarbecht an Eenegkeet. Ech hu mech och an deem Sënn un all déi direkt bedeelegt Länner aus dem Sécherheetsrot iwwer hir Ambassadeuren hei zu Lëtzebuerg Enn Februar nach eng Kéier geriicht, fir si zu engem leschten Effort opzeruffen.

Dës Kris, loosse mer näischt verschéineren, huet d'Relatiounen zwëschen Amerika an der UNO, zwëschen Amerika an der Europäescher Unioun belaascht. Dat ass net gutt, well vill steet um Spill a mir mussen hëllefen, de Gruef zwëschen Amerika an der Europäescher Unioun ze iwwerbrécken, well mir brauchen a mir wëllen eng transatlantesch Bezéiung, déi op enger gudder Vertrauensbasis opbaut an déi fir d'Stabilitéit vun der Welt wichteg ass. D'Fro ass: Wéi bréngen mer et fäerdeg vun deem Trend ofzelenken, dee sech awer all Dag an Amerika ze festege schéngt: Déi amerikanesch Souveränitéit nämlech integral ze erhalen an ze verteidegen duerch eng ausgesprachen Onofhängegkeet vun de multilaterale Gremien a gestëtzt op militäresch Mëttelen, déi deene vun dem Rescht vun der Welt bäi Wäitem iwwerleeë sinn?

Europa huet sech eigentlech verabschiet vum Konzept vun der Muechtpolitik, an Europa selwer an och iwwer Europa eraus, an dofir op Fridden an Entwécklung gesat duerch den Dialog an d'Zesummenaarbecht duerch Gläichgewiicht a Kompromëss.

Amerika denkt do schonn anescht. Geprägt duerch den Traumatismus, d'Angscht an d'Veronsécherung, déi den 11. September duergestallt huet, sinn déi Leit an Amerika gestäerkt ginn, déi mengen et wier gutt, jo noutwendeg, dass Amerika säin eegene Wee geet fir seng Interessen a seng Sécherheet ze verteidegen.

Dat ass eng Analys, déi an eisen An e Wee ass, dee vill Gefore mat sech géing bréngen, vill méi Gefore wéi Virdeeler, vill méi Gefore wéi organiséiert Zesummeschaffen an internationale Strukturen, déi wuel Konzessioune verlaangen, mä déi dofir en retour Sécherheet a Mathëllef garantéieren.

Lëtzebuerg leent dofir och den Unilateralismus als politesche Programm of. An den Debatten iwwert den Irak ass vill vun deenen engen an deenen aneren iwwert d'Roll an d'Crédibilitéit vun eise gemeinsamen Institutioune geschwat ginn. Hu si hir Limitë gewisen? Hu si net fonctionnéiert? Sinn se nach zäitgemëiss? Ass de Multilateralismus nach am Sënn vun eiser Zäit? An op déi Froe wëll ech ganz kloer äntwerten: Jo. Mir brauche méi wéi jee multilateral Gremien, wou mer kënne gemeinsam derfir suergen, dass dat internationaalt Recht definéiert a respektéiert gëtt a wou international Regelen a Prozeduren, fir Mënscherechter ze sécheren a Konfliktsituatioune bäizeleeën, eis Weeër weisen an d'Zesummeliewe vu groussen a klenge State geregelt gëtt.

Dat ass kee fromme Wonsch, mä et ass an eisem Interesse. E Land wéi Lëtzebuerg brauch esou Kadere fir wirtschaftlech, politesch a sécherheetsméisseg sech kënnen ze entwéckelen. Loosst mer net vergiessen, mir hunn an deene leschte 50 Joer onse Wuelstand op déi Stabilitéit a Sécherheet opgebaut, déi ons d'Europäesch Unioun, d'NATO an d'UNO ginn. Dofir musse mer net nëmmen d'Entwécklung vun dësen Institutioune begleeden, mä mir mussen aktiv un hirer Verstäerkung deelhuelen a virun allem eise konstruktive Bäitrag duerch eng engagéiert Mataarbecht leeschten.

Här President, d'Vereenten Natiounen sinn natierlech déi éischt Plaz, wou dëst Zesummeschaffe muss stattfannen. Si hu bewisen, dass ënnert hirer Féierung schlëmm Krise konnte verhënnert ginn, an no Krisen eng nei gerecht Uerdnung konnt opgebaut ginn. Ech wéilt do als bescht Beispill den Timor Oriental zitéieren. Hei huet d'UNO all Etappe vun de bilateraler Gespréicher bis zum Referendum an der interimärer Administratioun wéi de militäresche Contrôle no den Ausschreidunge begleet. Deen neie Stat ass schlussendlech de 27. September 2002 Member vun der UNO ginn.

Och am Afghanistan mécht d'UNO net nëmmen humanitär Aarbecht an Opbau, mä si ënnerstëtzt och ganz aktiv d'Preparatioun vun der Mise en place vun där neier Administratioun a bereet zum Beispill d'Wahle fir 2004 an d'Ausschaffe vun enger neier Verfassung vir. D'Sécherheet vun der Haaptstad Kabul an hire Viruerter ass och dank der ISAF garantéiert.

Méi no bei eis am Balkan war d'UNO present fir a Bosnien eng gewëssen Normalitéit, zum Beispill am Fonctionnement vun der Police ze schafen an an der fréierer Jugoslawescher Republik vu Mazedonien hunn d'Vereenten Natiounen schlëmmer Ausschreidungen zwëschent deene verschiddene Volleksgruppe verhënnert. De Kosovo gëtt haut nach ënner Mandat vun der UNO administréiert, ouni dat sécher grave Konfrontatioune stattfonnt hätten.

Dat ass wuel net alles perfekt, mä et sinn awer ganz konkret Schrëtt, déi ouni d'aktiv Ingérence vun der UNO an hire verschiddenen Agencen net méiglech gewiescht wären. Lëtzebuerg huet natierlech an de Limitë vu senge Méiglechkeeten sech un dësen Efforte bedeelegt. Esou hu mer ënnert anerem d'Ausbildung vun de Polizisten am Afghanistan matfinanzéiert a mir schécken och am Kader vun der ISAF III militärescht Personal an den Afghanistan, fir zesummen an engem belsche Contingent den Hollänner an Däitschen ze hëllefen de Flughafe vu Kabul ze sécheren.

Duerch eis erhéichten Entwécklungshëllef kréie mer och eng aner Plaz an den Agencë vun der UNO, wéi zum Beispill am PNUD, am FNUAP oder bei der UNICEF. Mir hunn hei aktiv matgehollef als temporaire Membere vun de Verwaltungsréit fir dës Agencë méi effikass ze maachen, well - an do si mer eis eens - Entwécklungspolitik gehéiert och op hir Manéier zur Krisepreventioun.

Et ginn natierlech och vill Beispiller, wou d'Resultat vun der UNO hirem Apport manner kloer ass oder carrément souguer d'Zil net konnt erreecht ginn. Dee rezentste Fall ass leider Zypern. Hei huet de Generalsekretär vun der UNO jorelaang probéiert d'Parteie méi no zesummenzebréngen an och e Projet vum Reglement vum November 2002 op den Dësch geluecht, fir dass déi zwou Communautéite sech kënnten eenegen ier Zypern Member an der Europäescher Unioun géif ginn.

De Kofi Annan huet bis zum leschte Moment gekämpft fir dëst Zil ze erreechen, mä hien huet missen den 10. Mäerz zu Den Haag feststellen, dass d'Parteien net prett ware fir de leschten historesche Schrëtt ze maachen. D'Republik Zypern ënnerschreift elo de 16. Abrëll zu Athen de Bäitrëttsvertrag zur Europäescher Unioun an d'tierkesch Partie vun der Insel kann net derbäi sinn. Dat weist, dass d'UNO zwar hëllefe kann an d'Parteien op de Wee bréngen kann, mä dass d'Resultat ëmmer vun dem politesche Wëlle vun den Acteuren ofhänkt.

Datselwecht gëllt an engem ganz grousse Mooss fir de Mëttleren Orient, wou d'international Gemeinschaft onfäeg ass, trotz ville Bemëiungen, de Konflikt tëschent Israel an de Palästinenser bäizeleeën. Et ass dofir bluttnoutwendeg, dass de Fahrplan vum Quartett virugedriwwe gëtt ouni Retard a mat engem neien Elan, fir dass 2005 zwee State friddlech niewenteneen a matenaner liewe kënnen.

Terrorismus a Proliferatioun vu Waffe kenne keng Grenzen, an d'Gefor, déi vun hinnen ausgeet, muss weltwäit zesumme bekämpft ginn an zwar am Kader vun der UNO. Säit dem 11. September schaffe mir och opgrond vun enger Rei vu Resolutiounen nach méi enk zesummen, fir gemeinsam géint den Terrorismus virzegoen, an dat ënner anerem fir dass kee Finanzement un terroristesch Organisatioune ka goen. Solidaresch mat Amerika huet Lëtzebuerg och eng bilateral Kooperatioun an deem Beräich. A wat d'nuklear Proliferatioun ubelaangt, esou stellt Nordkorea eng besonnesch Erausfuerderung un d'international Gemeinschaft an un de Weltsécherheetsrot. D'international Engagementer mussen agehale ginn, well et geet ëm d'Sécherheet vun eis all.

De Fortschrëtt an den internationale Relatiounen hänkt och vun der Weiderentwécklung vum internationale Recht of an natierlech vum Wëllen, dat och ze applizéieren. An deem Beräich ass d'Schafe vun der Cour pénale internationale e ganz grousse Schrëtt no vir.

Lëtzebuerg huet als 18. Land de Statut vu Roum ratifizéiert. Ech war frou kënnen derbäi ze sinn, wéi virun dräi Wochen zu Den Haag d'Riichtere vun dësem Geriicht hiren Eed ofgeluecht hunn a Presenz vum Kofi Annan. Et ass ons konstant Politik fir international Geriichter, déi bei Verbrieche géint d'Mënschheet agesat ginn, ze ënnerstëtzen. Dat ass de Fall gewiescht fir d'Sierra Leone, fir de Ruanda, an och fir Ex-Jugoslawien. Elo ënnerstëtze mir natierlech nach an engem erweiderte Mooss dat neit Geriicht vun Den Haag. Well et ka jo net sinn, dass Verbrieche géint d'Mënschheet ongestrooft bleiwen. Dat muss eng Regel sinn, déi sech op jiddfereen applizéiert, dee sech strofbar mécht. An an eise Gespréicher mat deene Länner, déi nach net Partie vun dësem Geriicht sinn, setze mir ons a fir si vun der Wichtegkeet vun dëser Institutioun ze iwwerzeegen.

Eisen Asaz an dësem Beräich soll net nëmmen d'internationaalt Recht stäerken, mä et ass och en Deel vun eisem méi generelle Bestriewe fir d'Mënscherechter ze würdegen an hire Respekt ze förderen. Dësen Objectif verfollege mir esouwuel an internationale Gremien wéi a bilaterale Kontakter. Mir hunn eis e Plang gi fir méi konstant den Haut Commissaire aux droits de l'Homme a senger Aarbecht ze ënnerstëtzen. Dat hat ech d'lescht Joer d'Geleeënheet der Madame Robinson virzebréngen, an dëst Joer konnt ech deeselwechte Message deem neie Commissaire Viero de Mello bestätegen. Mir hunn et och schonn ugefaangen ëmzesetzen duerch eng héijer finanziell Hëllef. D'Aarbecht vum Haut Commissaire ass zentral fir eng ganz Rei wichteg Theme weider ze bréngen, esou zum Beispill d'Problematik vum Rassismus. Ech war 2001 zu Durban op der Konferenz iwwert de Rassismus, fir mech anzesetzen am Numm vu Lëtzebuerg géint all Form vu Rassismus. Dat ass sécher an alle Gesellschaften e Prinzip, deem mer mussen all Dag erëm op en Neits grouss Opmierksamkeet schenken.

En anert Thema, wat mech besonnesch beschäftegt, ass de Respekt vun de Mënscherechter am Kader justement vum Kampf géint den Terrorismus. Ech leeën dorop besonnesche Wäert an dëst war och ee vun deenen zentralen Theme vun der Lëtzebuerger Présidence vun dem Ministerrot vum Conseil de l'Europe, dee mer vu Mee bis November d'lescht Joer haten, a wou just heiriwwer eng ganz Rei Richtlinnen ausgeschafft gi sinn.

De Respekt vun de Mënscherechter gëtt och vun der Lëtzebuerger Diplomatie a bilaterale Gespréicher mat Respekt fir de Partner, mä awer mat Entschlossenheet virbruecht. Ech hu meng Visite am Iran a viru kuerzem zu Kuba och ënnert dësen Aspekt gesat, an hu mech op deene Plaze mat der Oppositioun oder mat Dissidenten ënnerhalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, am Kader vun der UNO besteet eng ganz komplett Gamme vun Aktivitéiten un deene Lëtzebuerg sech aktiv bedeelegt a wou Lëtzebuerg mat schafft, fir international Normen duerchzesetzen.

Déi, déi gemengt hunn, d'Vereenegt Natioune géifen duerch d'Kris am Irak, duerch d'Oneenegkeet vum Sécherheetsrot hir Relevanz verléieren, mussen Onrecht kréien. Méi wéi jee sinn ech der Iwwerzeegung, dass d'UNO relevant ass a bleift, an dass hir Moyene weider gebraucht ginn. Eis Kandidatur fir de Sécherheetsrot 2013/2014 ass och an deem Kontext ze gesinn a si weist, dass mir bereet sinn eis Responsabilitéiten och an där Organisatioun ze iwwerhuelen.

Konkret Pläng sinn ausgeschafft gi vun den Agencë vun der UNO, fir schnell humanitär Hëllef och kënnen dem irakesche Vollek ze bréngen. An d'Gespréicher si scho wäit, fir en neie Kader am Sécherheetsrot ze definéieren, wou d'Resolutioun „oil for food" am Interesse vun der Bevölkerung och erëm uleeft. Déi Resolutioun ass am Konsens ugeholl ginn. D'UNO muss och eng kloer Roll kréien an der Iwwergangsgestioun an an der Reconstructioun vum Land, an

dëst esoubal wéi d'militäresch Aktiounen zu engem Enn komm sinn. Lëtzebuerg stellt elo schonn eng direkt humanitär Hëllef vun 3,5 Milliounen Euro iwwert den humanitäre Büro vun der UNO an iwwert de CICR zur Verfügung. Mir wäerten och am Kader vun eise Méiglechkeete beim Opbau nom Krich hëllefen, sief dat duerch international Agencen, déi op der Plaz sinn oder och mat der Hëllef vu Lëtzebuerger ONGen, déi sech wëllen am Irak engagéieren.

Här President, d'Debatten iwwert den Irak hunn och eng aner Institutioun, wou Lëtzebuerg ee vun de Grënnungsmemberen ass, an de Vierdergrond bruecht, an zwar d'NATO.

Eis transatlantesch Allianz huet am November 2002 op hirem Sommet zu Prag intern um Niveau vun de gemeinsame Capacitéiten eng nei Etapp konnten huelen. Och Lëtzebuerg huet hei kloer Engagementer geholl, fir seng Responsabilitéit ze huelen a weider Investitiounen ze maachen, déi am Sënn vun enger moderniséierter Allianz sinn.

Historesch war dee Sommet awer, well d'NATO siwe weider Staten aus Zentral- an Osteuropa invitéiert hat, fir sech der Allianz unzeschléissen. An et war schonn ergräifend an enger vum kale Krich besonnesch markéierter Stad wéi Prag mat ze gesinn, wéi déi dräi baltesch Länner Estland, Lettland a Litauen, souwuel wéi Slowenien, d'Slowakei, Bulgarien a Rumänien sech fir d'éischte Kéier un den Dësch vun där Allianz setze konnten. A mir hunn och mat grousser Zefriddenheet gesinn, dass d'Relatioun mat Russland eng nei an zolidd Grondlag kritt huet.

Nom Bäitrëtt vun Ungarn, der Tschechescher Republik a Polen 1999 war dëst eng natierlech Fortsetzung vum Erweiderungsprozess vun der NATO, mä et huet een et och ëmfonnt ewéi d'Enn vun enger méi donkeler Ära, wou Europa nach an zwee gedeelt war. D'NATO huet op eng gewëssen Aart a Weis domat eent vun hiren haaptpolitesche Ziler friddlech erreecht. De 26. Mäerz sinn zu Bréissel d'Adhesiounsprotokoller mat deene siwe Kandidaten ënnerschriwwe ginn. Dës ginn der Chamber elo esou schnell wéi méiglech ënnerbreet, fir dass mer kënnen duerch eng rapid Ratifikatiounsprozedur weisen, wéi wichteg dëst ons och ass. Um nächste Sommet vun der NATO 2004 si mer dann zu 26.

De Sommet huet och d'Allianz op nei Piste gesat wat hire Mandat ubelaangt, ënner anerem wat de Kampf géint den Terrorismus ugeet. Dës nei Aufgaben däerfen awer net vergiesse loossen, dass d'NATO als „peace keeper" weider eng ganz wichteg Roll spillt. Am Balkan huet jo sécher d'UNO eng grouss Roll gespillt, mä ouni d'NATO wär villes net méiglech gewiescht. Elo eréischt gëtt d'NATO-Missioun an der fréierer Jugoslawescher Republik vu Mazedonien vun enger éischter europäescher Missioun ersat.

Mä loosse mer eis näischt virmaachen, den Irakdossier huet och hei déif Spuren hannerlooss. Ech wëll net nach eng Kéier op all Detailer zréckkommen, déi mer hei schonn diskutéiert hunn. Et huet mer och net hëllefräich geschéngt iwwer e sougenannt aalt an neit Europa ze schwätzen, wann ee wëllt ee vereent Sécherheetseuropa schafen. Esou Kategorië schafen nämlech Divisiounen, woubäi mir just de Contraire brauchen.

Den Haaptobjectif vun der Allianz ass a bleift d'kollektiv Verteidegung. Dëst erkläert och woufir mir deene preventive Moossnamen zougestëmmt hunn, déi der Tierkei ënnert dem Artikel 4 vum Traité vu Washington zougestane gi sinn. Lëtzebuerg huet a wäert och weider all seng Obligatiounen an der NATO erfëllen. An deem net ëmmer einfachen Débat an der NATO goung et net, wéi Verschiddener et gäre gehat hätten, ëm d'Alternativ: méi Europa oder méi Amerika.

Dat ass e Choix, dee kee vun eis esou wëllt akzeptéieren an dee besonnesch fir d'Kandidatelänner eng onméiglech Situatioun war an déi och munch Haltung erkläert huet. Mir wëllen nämlech a brauchen déi zwee.

Wéinst eiser gemeinsamer Geschicht an eise Wäerter, déi mer oft zesummen no bausse vertrieden, kënnen Europa an Amerika nëmme komplementar sinn. Amerika huet eis d'Fräiheet zréckginn a vill Lëtzebuerger Familljen, jo d'Land ass haut nach dofir dankbar. An och wa mer elo mat verschiddenen Entscheedunge vun der amerikanescher Administratioun net d'accord sinn, stellt dat dës fundamental Frëndschaft net a Fro. Als Ausseminister hunn ech drop gehalen all Joer mat mengen amerikanesche Kolleegen, fir d'éischt d'Madeleine Albright, an duerno de Colin Powell, op d'mannst eemol am Joer zesummen ze kommen, fir eis iwwer all Themen ze ënnerhalen. Well nëmmen direkt Gespréicher erlaben engem dat richtegt Gefill fir deem anere seng Argumenter ze kréien an och eis eegen Uleies kënnen ze erklären. A meeschtens konnte mer gemeinsam Positioune feststellen.

Déi nächst Wochen a Méint wäerten eis an den NATO-Instanze bestëmmt nach virun nei Erausfuerderunge stellen, och wat d'Situatioun no der militärescher Intervention am Irak ubelaangt, a mir wäerten alles drusetzen dëst mat Serenitéit a Frëndschaft ze maachen, an alles maache fir deen Zesummenhalt ze erlaben.

Här President, d'Europäesch Unioun, d'Häerzstéck vun eiser Aussepolitik, konnt am Irak-Dossier keng gemeinsam Linn halen. D'Ausseministere vun deene 15 hate gemeinsam Positioune festgeluecht op hirer Sitzung Enn Januar, well mir waren eis jo eens wat d'Analys vun der Situatioun ubelaangt an och wat d'Objektiv sollt sinn, dat heescht d'Entwaffnung vum Irak.

De Conseil européen vum 17. Februar huet och nach eng Kéier probéiert d'Unitéit ze wahren. Mir hunn dunn awer keng gemeinsam Linn fonnt, wéi et drëm goung e gemeinsame Kalenner anzehalen. Déi véier europäesch Memberen aus dem Sécherheetsrot haten hei kloer zwee verschidde Weeër geholl an déi waren net méi zesummenzebréngen.

Et war traureg ze gesinn, dass d'Unioun nach net staark genuch ass fir eis gemeinsam Interesse geschlossen no baussen ze vertrieden, a vläicht huet och grad dëst Amerika a senger Haltung gestäerkt. Dëst Beispill mat all senger Visibilitéit, déi et hat, soll awer net vergiessen doen, dass, wann Europa gemeinsam Politik mécht, dass et dann och Resultater kritt, op déi et stolz ka sinn. Dat ass natierlech de Fall mat eiser gemeinsamer Währung, dem Euro, an och an eiser gemeinsamer Handelspolitik. Hei gëtt Europa net vergiess oder ëmgaangen. Also sinn dat Beispiller, déi mer musse verfollegen, fir méi effikass an der Aussen- a Sécherheetspolitik ze ginn.

Den Haut Représentant huet bewisen, dass hie fir Europa d'Kris an Ex-Jugoslawien bewältege konnt. Esou war hien et, deen et zum Beispill fäerdeg bruecht huet, fir déi nei Strukture vu Serbien a Montenegro op Pabeier ze bréngen a vun de Parteien akzeptéiert ze kréien. Hien huet och duerch säin Asaz zu Skopje den Iwwergang zu enger neier Regierung friddlech erlaabt. Europa huet also schonns eng Aussepolitik am Balkan a mir hu selwer och Polizisten, déi un der europäescher Polizeimissioun a Bosnien deelhuelen a mir sinn och present wann elo d'NATO duerch eng europäesch Missioun zu Skopje ersat gëtt.

D'EU plangt bis 2004 d'Missioun a Bosnien ganz ze iwwerhuelen. Dat sinn alles éischt konkret Zeeche vun enger gemeinsamer Sécherheets- a Verteidegungspolitik, fir déi mir ons asetzen. Et feelt der Europäescher Unioun an hirer aktueller Aussepolitik awer heiansdo um gemeinsame Wëllen, oft och u genügend Mëttelen an ëmmer u verstäerkte Strukturen. E gemeinsame politesche Wëllen, méi Finanz- a Personalmëttelen a besser Strukture ginn awer net duer. Mir mussen och op europäeschem Plang gemeinsam Interessen definéieren.

De Konvent iwwert d'Zukunft vun Europa, dee säit Mee 2002 zesummekënnt, ënnert der Présidence vum Giscard d'Estaing, soll besser Strukturen a Methoden ausschaffen, fir d'europäesch Aussen- a Sécherheetspolitik, awer och d'gemeinsam Verteidegungspolitik esou ze gestalten, dass mat deem néidege politesche Wëllen Europa e vollwäertegen Acteur op der internationaler politescher Bühn gëtt.

Mir als Lëtzebuerger mussen iwwerall do wou d'europäesch Integratioun weidergefouert gëtt voll mat an déi Richtung schaffen. Mir hu schonn eng gewësse Pionéierarbecht geleescht am Kader vun de Schengen-Accorden. Mir hunn all Fortschrëtter an der gemeinsamer Wirtschafts- a Währungsunioun aktiv begleet a mir hunn och mat un der Entwécklung vun der gemeinsamer Justiz- an Innenpolitik geschafft. Et gëtt einfach keng aner Plaz fir Lëtzebuerg wéi am Kär vun deene Länner ze sinn, déi d'Visioune vu Schuman a vu Monnet weiderféieren a verdéiwe wëllen.

Lëtzebuerg wëllt méi en enkt Zesummeschaffen op alle Sujeten am Konvent an duerno an der Regierungskonferenz, well méi ee staarkt a méi ee gëeent Europa ass eben an onsem ureegenen Interesse. Mir hunn eis dofir och der Initiativ vu Belgien, Däitschland a Frankräich ugeschloss, fir zesummen ze kucken, wéi d'gemeinsam Sécherheets- a Verdeedegungspolitik ka méi Realitéit um Terrain kréien.

Dëst soll eiser Meenung no en aktiven Denk- an Aktiounsustouss si fir all Membere vun der Europäescher Unioun, fir eis Ambitiounen, déi schonn am Vertrag dra sinn, méi konkret a méi effikass ze gestalten. Fir eis sollen dës gemeinsam Aarbechte keen ausschléissen a si sollte sech virun allem och net géint ee riichten. Si sollen inklusiv an net exklusiv sinn.

Här President, de Konvent huet virun e bësse méi wéi engem Joer seng Aarbechten ugefaangen, an iwwert d'Zäit huet sech eng eegen, ganz engagéiert Dynamik entwéckelt, déi elo dozou gefouert huet, dass déi Konventionell un engem Projet fir e konstitutionellen Traité schaffen. Déi verschidden Aarbechtsgruppen hu Rapporten iwwert d'Haapttheme vum Konvent ausgeschafft an am Hierscht huet de Presidium d'Struktur vum Traité virgestallt an elo op Grond vun deene Rapporten d'Artikele fir den Traitésprojet virgeluecht.

Dir wësst et, déi éischt Serie vun Artikelen huet méi wéi 1.000 Amendementer provozéiert an d'Lëtzebuerger Memberen am Konvent an och de Représentant vun der Regierung hunn Amendementer iwwerall do virbruecht wou fonnt ginn ass, dass d'Texter vum Presidium net zefriddestellend sinn, sief et well hinnen eng gewëssen Zukunftsambitioun gefeelt huet, oder sief et well d'Richtung net deem entsprach huet, wat mir erwaart haten.

Am Ausseministère hunn ech eng speziell Cellule agesat fir d'Aarbechte vum Konvent am Detail ze begleeden. Déi Aarbecht kënnt eis da besonnesch zegutt, wa mer an der Regierungskonferenz, no der Konventioun, definitiv Stellung huele mussen iwwer all d'Artikelen a Prozedure vun där neier europäescher Konstitutioun.

An ech si frou, dass mer och mat dëser Chamber eng ganz gutt Zesummenaarbecht hunn. Den Débat, déi mer net méi spéit wéi den 13. Februar haten, mat där ofschléissender Motioun, huet gewisen, datt mer zu Lëtzebuerg parteiiwwergräifend eis eeneg sinn, wéi mer d'Europa vun der Zukunft gesinn.

Wat den institutionelle Kader elo vun der erweiderter Unioun ubelaangt an d'Aarbechten heiriwwer am Konvent, hu mir mat eise BENELUX-Partner am Dezember e gemeinsame Memorandum ausgeschafft mat verschiddenen neien Iddien. Mir hunn och d'Limiten ugedeit, déi dësen Exercice fir eis net däerf iwwerschreiden.

Dir kennt den Inhalt vun deem Memorandum, dofir brauch ech hei net nach eng Kéier am Detail drop anzegoen. Ech wéilt just kuerz nach eng Kéier déi wichtegst Elementer ervirsträichen: D'Wichtegkeet an d'Erweiderung vun der Méthode communautaire mat der zentraler Roll vun der Kommissioun an natierlech d'Gläichgewiicht tëschent den Institutioune si fir eist Land onëmgänglech. Genau esou ass et fir d'Egalitéit tëschent de Memberstaten, sief et wat d'Kompositioun vun der Kommissioun ugeet oder d'Présidence vun der Unioun.

Et kann net sinn, dass de Conseil européen vun engem Aussestehende presidéiert gëtt, deen dat en plus ganzzäiteg géing maachen. Dëst bréngt eiser Meenung no en Déséquilibre an eng Duplikatioun vun den Institutiounen. A fir eng besser a méi koordinéiert Aussepolitik géife mer gären d'Fonctioun vum Haut-Représentant fir d'Aussen- a Sécherheetspolitik mat deene vum Commissaire zoustänneg fir d'Aussepolitik ënner ee gemeinsamen Hutt bréngen, well nëmmen esou Europa säi politesche Wëllen a seng Moyenen zesumme geziilt um Terrain besser asetze kann.

E sougenannten europäeschen Ausseminister huet awer natierlech nëmmen eng Chance fir och eng gemeinsam Positioun auszeschaffen, wa virdrun, am Virfeld vun deene wichtegen Décisiounen, esouwuel déi national Ausseminister wéi eben och d'Premiere sech eng gewëssen Diskretioun operleeën, ier ebe gemeinsam Positioune kënnen ausgeschafft ginn.

D'Haaptiddië vum Benelux-Memorandum hunn - dat wësse mer - vill Uklang bei enger ganzer Rei vu Memberstaten an och bei ville Kandidatelänner fonnt. An an eiser Roll als aktuell Présidence vum Benelux hu mer och eng Rei Réuniounen am Ausseministère organiséiert, souwuel mat de „like-minded" aus der aktueller Unioun, wéi mat de Kandidatelänner, fir e méiglechst breeden Appui fir eis gemeinsam Iddië kënnen ze dégagéieren. An esou kënne mer - an dat ass eis Hoffnung - eist Wuert am Konvent besser héieren doen.

An den Owend - wéi Dir och wësst - ass jo ebe just hei zu Lëtzebuerg e Sommet vun de „like-minded"-Länner en vue ebe vun den Echéancë vun dem Konvent, wéi den Débat zum Beispill mam President Giscard d'Estaing, deen de 16. Abrëll zu Athen soll sinn, an och vläicht den 30. Juni, wou e spezielle Conseil européen, fir d'Aarbechte vum Konvent ofzeschléissen, och schonn a Virbereedung ass.

All dës Punkte wäerten den Owend tëschent deene siwe Premieren a siwen Ausseministere vun deene Länner am Detail och nach beschwat ginn a mir wäerten an deene kommenden Deeg a Wochen d'Geleeënheet hunn dorop zréckzekommen.

Ech ginn och den Aarbechte vun deene sechs Grënnungsstate vun der Europäescher Unioun eng ganz grouss Bedeitung, well zesumme si mer jo am Fong den Dépositaire vun där Traditioun a vun den Idealer vun onser Unioun. Et kënnt mir drop un, eise Wëlle vun Integratioun an där neier Architektur vum erweiderten Europa ze erhalen an auszebauen. A meng Gespréicher d'lescht Woch zu Roum hu mech och kloer an deem bestäerkt. Am Konvent hu mir sechs e Rôle fir Impulser ze ginn, sief et eenzel oder och zesummen.

De Konvent ass gebuer aus der Iwwerzeegung d'Europäesch Unioun op déi bevirstehend Erweiderung besser virzebereeden, fir ebe just ze verhënneren, dass mer an eng Crise de croissance kommen.

Här President, 1993 haten d'Statsan d'Regierungschefen d'Kritäre fir deen nächste Bäitrëtt fixéiert an am Dezember 1997 zu Lëtzebuerg hu mer dunn d'Länner désignéiert, déi an dee Prozess erakomme géifen. Säitdeem sinn d'Verhandlunge gelaf, an no ganz vill Aarbecht a Kompremëssbereetschaft war et méiglech, am Dezember 2002 zu Kopenhagen mat zéng Kandidatelänner ofzeschléissen an de 16. Abrëll dëst Joer ënnerschreiwe mer zu Athen dës Bäitrëttsverträg mat Estland, Lettland, Litauen, Malta, Polen, Slowenien, der Slowakei, der Tschechescher Republik, Ungarn an der Republik Zypern. Rumänien a Bulgarien waren nach net prett an hunn en neie Rendez-vous fir 2007 kritt.

D'Tierkei krut hirersäits e kloere Kalenner virgeluecht, deen eis seet, dass mer Enn 2004 op Grond vun engem Rapport vun der Europäescher Kommissioun mussen décidéieren, ob dëst Land d'Kritären erfëllt a vläicht ënner Lëtzebuerger Presidentschaft 2005 d'Bäitrëttsverhandlungen ufänke kënnen.

D'Europäesch Unioun mécht also e grousse Sprong no vir an erfëllt endlech déi Hoffnungen, déi nom Fall vun der Mauer eis Noperen an deem aneren Deel vun Europa haten. No sou ville Joren, an no schwierege Verhandlungen ass heiansdo den Enthousiasmus fir dësen historesche Bäitrëtt gedämpft gewiescht. Mä zu Kopenhagen, um Conseil européen de leschten Dezember, huet awer kee méi un d'Schwieregkeete geduecht, wéi mer all zesummen als eng grouss Famill virun d'Press getruede sinn.

An och d'Péripétië vum Irak-Dossier däerfen un deem neien europäeschen Zesummewuessen näischt änneren. Mir hunn eng gewollten a laang erwaarte Schicksalsgemeinschaft déi eis zesummenhält. An ech wëll alle Kandidatelänner wënschen, dass de Referendum iwwert d'Adhésioun an d'Europäesch Unioun, a fir verschiddener och an d'NATO, dat gehofftent Resultat bréngt. A Slowenien hat ech selwer d'Méiglechkeet ze erklären, wéi wichteg Europa fir eis, a si mat eis, an deem Europa sinn. An ech freeë mech dofir iwwert déi excellent Resultater, déi bei de Referendumen, besonnesch zu Ljubljana an awer och zu Malta, erauskoumen.

Wann och déi historesch a politesch Bedeitung vun der Erweiderung vun der Europäescher Unioun net héich genuch ageschat ka ginn, a wann och an deem Kontext vun deem do erauswuessende wirtschaftleche Potential ëmmer nees geschwat gëtt, hunn ech dach heiansdo d'Impressioun, datt deen ekonomeschen Aspekt an der Vergaangenheet oft ënnerschätzt ginn ass.

Nach haut schwätze vill Leit vum Potenzial vun deenen Exportmäert sou, als ob dat e Phenomeen wier, deen eréischt an enger ferner Zukunft géif leien. Eis Geschäftsleit hunn allerdéngs vill méi séier op déi strategesch Ännerungen an Europa reagéiert och dank - an ech si frou doriwwer - der Ënnerstëtzung vun dem Lëtzebuerger Aussen- an Aussenhandelsministère. D'Zuele vun eisem Aussenhandel mat deene betreffende Länner schwätzen nämlech eng Sprooch fir sech.

Zënter 1993 zum Beispill, dem Joer wou den europäesche Bannemaart a Kraaft getrueden ass, an d'Joer wou zu Kopenhagen den Erweideerungsprozess beschloss ginn ass, sinn eis Exporter no Polen an och an d'Tschechesch Republik ëm eelefmol an d'Luucht gaangen. Am selwechten Zäitraum zum Beispill, hu sech awer weltwäit eis Exporter nëmme verduebelt. Polen ass haut eisen 12. Exportmaart, an e stellt awer nëmmen ee Véierel vun deem duer, wat mer zum Beispill no Spuenie verkafen, ee Maart vu genau därselwechter Gréisst. Et ass also nach e grousst Potenzial do, dat et heescht weider geziilt ze erschléissen.

A meng Iwwerzeegung, eis lëtzebuergesch Wirtschaftsmissioune virun allem an déi Länner am Oste vun Europa ze féieren, huet deementspriechend Friichte gedroen, déi d'Statistiken ebe beleeën. Zënter dem Summer 1999 hu mir zesummen déi allermeescht vun deenen zukünftege Memberlänner vun der Europäescher Unioun op d'mannst eng Kéier mat Lëtzebuerger Geschäftsleit besicht.

Donieft hu mer awer och déi ganz grouss Mäert net vernoléissegt, well hiert Potenzial eis ganz Opmierksamkeet fuerdert. Sou ass zum Beispill eisen Handel mat Russland bal verduebelt ginn, dee mat Indien mol fënnef multiplizéiert ginn an den Handel mat China ass allerdéngs erstaunlecherweis, an obwuel en ëm ongefeier 250% geklommen ass, méi kleng, och nach haut, wéi eisen Handel mat der Tschechescher Republik oder Polen.

Eis dräi Nopeschlänner sinn awer nach ëmmer a bei wäitem eis gréissten Handelspartner. Hinne verkafe mer 54% vun eise Produkter a mir kafe méi wéi zwee Drëttel bei hinnen an. Frankräich ass iwwert déi lescht zéng Joer, vun deenen dräi, eisen dynameschste Partner gewiescht. Vun engem schonns héijen Niveau aus huet sech eisen Handel mat eise franséischen Noperen nämlech an deene Jore verduebelt.

Weltwäit gesinn, ass den Handel an den Déngschtleeschtunge méi séier geklomme wéi an de Gidder. An déi staark Zounam vun de Servicer och zu Lëtzebuerg erkläert sech natierlech duerch de Succès vun der Finanzplaz, mä awer och duerch déi dynamesch Entwécklung vun deenen anere Servicer. Soumat stellen d'Servicer haut 70% vun eise Gesamtexporter duer, wat international gesinn e ganz héije Prozentsaz ass, an iwwert dee mer eis jo nach konnten d'lescht Woch intensiv ënnerhalen.

D'Wichtegkeet vun de Servicer huet mech och dozou bruecht, fir den Instrumentarium vun der Ënnerstëtzung vun eisem Aussenhandel ze erweideren, a besonnesch fir och den Entreprisen aus dem Déngschtleeschtungssecteur d'Méiglechkeet ze ginn, vun deene Bäihëllefen ze profitéieren. Soumat besteet elo fir all eis Geschäftsleit déi am Export aktiv sinn eng eenzeg Ulafstell, nämlech den Office du Ducroire, wou si Bäihëllefen, Exportversécherungen an Informatiounen ufroe kënnen.

Déi grouss Unzuel vun Demandë vun eisen Entreprisen, déi bis elo beim Comité fir d'Promotioun vun de Lëtzebuerger Exporter, déi am Kader vum Office du Ducroire fonctionnéiert, agaange sinn, ënnersträicht d'Noutwendegkeet vun där Reform an och den Intérêt vun eisen Exportateuren.

D'Bedeitung vun de Servicer illustréiert och, firwat datt déi aktuell Verhandlungen am Kader vun der Welthandelsorganisatioun fir eist Land esou wichteg sinn. D'Verhandlungspositioun vun der Europäescher Unioun gëtt am Moment vun der Kommissioun zu Bréissel am Zesummespill mat den europäesche Länner definéiert, a mir hunn derfir gesuergt, dass all ons Interessen an deem Kontext bewahrt ginn, sou wéi ech dat och hei am Débat d'actualité an der Chamber den 19. Mäerz scho konnt erklären a versécheren.

D'Lëtzebuerger Wirtschaft gehéiert zu deenen offensten, an dofir ass all Verhandlungsronn vun der Welthandelsorganisatioun, der OMC, fir ons ganz wichteg. Et bréngt ons Accès zu neie Mäert an zu gläicher Zäit Regelen, déi Konkurrenzkonditiounen um internationale Maart sécheren.

Am Kader vum Doha-Round, deem aktuellen Zyklus vu Verhandlungen an der OMC, gëtt den Entwécklungslänner speziell entgéint komm. D'Haaptzil vun dem Doha-Round ass et, d'Öffnung vum weltwäiten Handel an Aklang ze bréngе mat de Bedürfnisser an de Méiglechkeete vun den Entwécklungslänner. An duerch säin inhérenten Dynamismus kann de Welthandel mat Sécherheet zu enger dauerhafter an zolidder wirtschaftlecher Entwécklung vun den Entwécklungslänner bäidroen, ëmmer virausgesat, datt d'Resultater vum Doha-Round hir spezifesch Interessen och berücksichtegen.

Lëtzebuerg ass dozou determinéiert. Dofir bedaueren ech, datt et bis elo onméiglech war, trotz deem ganz staarken Asaz vun der Europäescher Unioun, en Accord ze finaliséieren, deen et den Entwécklungslänner erméiglecht hätt, Medikamenter géint den Aids a géint aner gefäierlech Krankheeten zu engem verstännege Präis zur Verfügung ze stellen. Zu Doha hate mir dozou en Engagement geholl an och en Termin gesat, deen net agehale ginn ass. Ech hoffen, datt mir do an allernächster Zäit nach Progrèsë kënne realiséieren, well et geet ëm d'Crédibilitéit vun deem ganzen Doha-Round.

Ech wëll hei och nach eng Kéier ganz kloer eraussträichen, datt et am Doha-Round ëm d'Liberaliséierung vum Handel geet, an net ëm eng Dereglementatioun vum Handel. D'Regierunge behalen d'Recht den Handel och weiderhin ze reglementéieren an d'Notioun vum Service public ze invoquéieren. D'Objektiv vum Doha-Round geet dorëms, e Kader fir de weltwäiten Handel ze schafen, wou national Diskriminatiounen a Wettbewerbsverzerrunge keng Plaz méi hunn, a wou Mindeststandarden am sozialen an am Environnementberäich gesat ginn.

Ech hat elo wäit ausgeholl, fir d'europäesch Erweiderung net nëmmen an hire politeschen, mä och an hire wirtschaftleche Kontext ze setzen, a fir nach eng Kéier ze ënnersträichen, wéi wichteg et fir ons ass, an internationale Gremien an Organisatiounen eis Intérêtë kënne mat duerchzesetzen.

Här President, Europa bedeit fir ons Lëtzebuerger niewent dem Konvent an der Erweiderung awer och nach eppes wat eis ganz no steet, an zwar d'europäesch Institutiounen a Servicer, déi mer stolz sinn hei ze empfänken an dat zënter 50 Joer.

Dat kann awer net nëmmen als en Acquis ugekuckt ginn; et bedeit am Géigendeel vill Asaz an eng dynamesch Politique du siège.

Dëst ass besonnesch wichteg elo wou d'Europäesch Unioun erweidert gëtt a wou mer schnell an effikass eis mussen deenen neien Ëmstänn upassen. Déi nei Europäesch Unioun zu 25 bedeit méi europäesch Fonctionnairen zu Lëtzebuerg, déi mer hei musse kënnen integréiere mat hire Familljen an engem agreablen Environnement a mat Aarbechtskonditiounen, ënnert deenen si frou sinn hei zu Lëtzebuerg ze schaffen. Duerfir brauche mir déi zweet Europaschoul zu Mamer a mir brauche méi Büroe fir d'europäesch Kommissioun, fir d'Cour a fir d'Parlament.

Eis Siègepolitik muss selbstverständlech d'Erweiderung voll a Betracht zéien, mä si muss virun allem d'Stabilitéit vun der Presenz garantéieren a verschidde „Pôles d'excellence" zu Lëtzebuerg verstäerken, dat heescht besonnesch de juristeschen, de finanziellen an de sproochleche Volet.

Dës Strategie an eisen Asaz hunn eis an deem Bestriewen an de leschte Méint Succèsen abruecht. Lëtzebuerg konnt als juristesch a quasi-juridictionnel Haaptstad vun Europa nach eng Kéier beräichert gi wéi den 3. Mäerz no jorelaangen Tractatiounen entscheet ginn ass, dass déi juridictionnel Instanze vum neie communautairë Brevet zu Lëtzebuerg installéiert géifen.

Dëse Brevet ass essentiel wa mer den europäesche Bannemaart vollende wëllen. Tëschent 2007 an 2010 wäerten esou bis zu 100 héichqualifizéiert Juristen sech nei bei der Cour de Justice nidderloossen. Dobäi ass net ze vergiessen, dass sech positiv Retombéeën och am Ëmfeld vun där Juridictioun wäerte bemierkbar maachen. Am juridictionnelle Beräich hale mer selbstverständlech och weiderhin d'Entwécklung vun engem Parquet européen am An.

No bal zwee Joer an am Respekt vun den historesch relevanten Décisiounen an der Sëtzfro, sinn de leschte Méindeg d'Verhandlunge mat der Europäescher Kommissioun iwwert eng Restructuratioun vun eenzelne vun hire Servicer op en Enn komm. Ech konnt dem Vizepresident vun der Kommissioun, dem Neill Kinnock, deen Dag hei zu Lëtzebuerg eisen Accord mat engem Bréifwiessel confirméieren.

Dobäi hate mer zwou Ambitiounen. Éischtens d'Zuel vun de Fonctionnairë vun der Kommissioun hei zu Lëtzebuerg ze erhéijen. Dat ass eis kloer gelongen. D'Kommissioun wäert an Zukunft e Minimum vun 3.400 Leit hei beschäftegen an d'Effete vum Elargissement sinn hei mat Ausnahm vun den Iwwersetzungsdéngschter net mat abegraff. Dës Zuel ass wichteg, si bedeit awer net alles.

Grad esou wichteg wéi dëse quantitativen Aspekt war eist zweet Objektiv, d'Autonomie an d'Effikassitéit vun de Servicer, déi hei sinn, ze stäerken. Dat ass souwuel am Sënn vum Personal aus dëse Servicer, wéi am Sënn vum bessere Fonctionnéiere vun der Kommissioun als Ganzes. Mir hu gekuckt, datt d'Rechter vum Personal hei zu Lëtzebuerg ofgeséchert sinn a mir hunn eis fir Erhalt hei um Standuert vun interessanten Aufgaben an essentiellen Domainë vun der europäescher Politik agesat.

E groussen Deel vun der Generaldirektioun Santé publique bleift ënner anerem hei. Dobäi sinn ech virun allem frou, dass mer weiderhin och d'Aarbechte vum Domaine vun de Maladies transmissibles, déi fir d'europäesch Bevölkerung esou wichteg sinn, hei verankere konnten. Och Servicer, déi net vun Ufank un an de Propositioune vu Bréissel enthale waren, konnte mer hei zu Lëtzebuerg dauerhaft festschreiwen. Et ass och ze begréissen, datt mëttelfristeg d'Halschent vun den Iwwersetzungsdéngschter vun der Kommissioun hei zu Lëtzebuerg zentraliséiert ginn.

Während dëse Gespréicher ware mer ëmmer am enke Kontakt mat eisen Europadeputéierten, grad wéi ech och d'Chamber permanent au courant gehalen hunn. Ech selwer a meng enkste Mataarbechter hunn och mat deenen europäesche Syndikater hei zu Lëtzebuerg e regelméissege Kontakt gehat. Esou konnte mer all zesummen zu dësem Succès kommen.

Wat dat europäescht Parlament betrëfft, hunn ech méi wéi eng Kéier mech agesat fir de Respekt vun deenen Accorden, déi vum Premier mat de Presidenten Hänsch a Fontaine ënnerschriwwe goufen. Eis Europadeputéierten a Membere vun dësem Haus hu mech an deenen Démarchen ënnerstëtzt. Leider gëtt et hei net nëmme Positives ze berichten. Den 11. Mäerz huet de Büro vum Parlament beschloss, d'Direction générale IV, déi sech ëm d'Etüde bekëmmert, zum groussen Deel vu Lëtzebuerg op Bréissel ze transféréieren. Dat ass inakzeptabel. Ech hunn dat och an engem Bréif dem President vum europäesche Parlament, dem Här Pat Cox, geschriwwen a mir sinn dobäi ze iwwerpréiwe wat fir weider konkret Schrëtter mir an dësem Dossier wäerten ënnerhuelen.

Als Sëtzstat vu bedeitenden Institutiounen a Servicer vun der Unioun hu mer awer wéi gesot net nëmme Rechter, mir hunn och Pflichte géintiwwer der Unioun, de Memberstaten an deene Leit, déi hei bei eis liewen a schaffen. Mir huelen dës Pflichten an Aufgaben eescht. De Kierchbierg, d'Symbol vun der europäescher Presenz, ass an engem groussen Ëmbau, fir dass mer hei esou schnell wéi méiglech d'Institutioune vun der erweiderter Unioun a gudde Konditiounen installéiere kënnen. D'Koordinatioun vun deene Aarbechten ass e groussen Défi an ech wëll hei all deenen Administratioune merci soe fir hiren Asaz, deen et eis erlabe wäert eisen Obligatioune gerecht ze ginn.

Déi europäesch Presenz dréit zur Visibilitéit vun eisem Land bäi a si beräichert eist dagdeeglecht Liewen. Dëst gëllt natierlech am professionelle Beräich, mä et ass och wouer am privaten, kulturellen a soziale Beräich. D'Zesummeliewe mat Noperen aus Nord, Süd, Ost a West gëtt eis Erfahrungen, déi mer oft schonn net méi als nei gesinn. Esou normal ass dat haut fir ons ginn.

Här President, mir hunn also eng ganz Rei Projete fir d'europäesch Institutiounen hei zu Lëtzebuerg. Déi Europäesch Unioun huet hirersäits grouss Ambitioune fir eis gemeinsam Zukunft, souwuel an dem Konvent wéi an der Erweiderung, déi am Mee 2004 Realitéit gëtt, wann d'Adhésiounsverträg - dat hoffe mer op alle Fall - ratifizéiert sinn.

Duerno kommen dann am Juni 2004 déi nächst Wahle fir dat neit erweidert Parlament an déi nei erweidert Kommissioun, déi kuerz duerno hir Aarbecht wäert ufänken. Den 1. Januar 2005 huet Lëtzebuerg d'Présidence vum Conseil vun der Europäescher Unioun vu 25, mä scho virdru wäerte mer d'Présidence vum Eurocorps zu Stroossbuerg, tëschent Dezember 2003 an Dezember 2004, hunn a vu Mëtt 2004 u si mer an der Troika vun der Europäescher Unioun present.

Wéi Der lech kënnt denken ass dat do en enorm groussen Défi fir Lëtzebuerg, fir ons Administratioun. Lëtzebuerger Presidentschaften an der Vergaangenheet hu sech weise gelooss. Grouss a wichteg Kapitele vun der europäescher Eenegungsgeschicht sinn ënnert Lëtzebuerger Fieder geschriwwe ginn. D'Lat läit also ganz héich.

Loosse mer hoffen, dass eis Erfahrung an eisen néidege Pragmatismus eis hëllefe wäerten och dës Presidenz gutt ze meeschteren, dat am Sënn vun der europäescher Constructioun an och international, fir dass Lëtzebuerg positiv a professionell duergestallt gi kann. Dat ass nämlech déi beschten Image de marque, déi mer kréie kënnen.

Fir d'Présidence richteg ze preparéieren hu mer elo schonn éischt Jalone gesat. Ech hu virun enger Woch mat eise multilateralen Ambassadeuren en éischten Tour vun den Echéancë vun 2005 gemaach. E Virbereedungsgrupp, deen zënter Januar besteet, mécht de kompletten Inventar vun eise Pflichten, esou wéi mer se am Moment kennen. Op der Basis vun dësem Relevé musse mer dann an deenen eenzelnen Departementer eis Ressources humaines opstocken. Virdru wëlle mer eis awer mat alle Ministèrë consultéieren a gemeinsam Strategien an deenen eenzelne Gebidder ausschaffen. Niewent der thematescher Virbereedung gëtt et och schonns eng logistesch Cellule, déi sech méi konkret ëm déi materiell Preparatioun këmmert.

Mir wëllen zesummen den Ausseministère technologesch an organisationell resolut an dat 21. Jorhonnert féieren an hunn duerfir e ganz grousse Reformprozess op d'Schinn gesat, deen op Pläng an Etüde vun 2001 zréckgeet. Reforméiert Strukturen am Aarbechtsprozess an d'Methode fir d'Gestioun vun den Informatioune ginn iwwerschafft. Eng performant Vernetzung am Haus a mat eise Missiounen ass d'Zil. D'Efforten, déi an dësem héijen Haus an dësem Domaine gemaach gi sinn, si fir ons eng Source d'inspiration. Mir mussen nach méi séier kënne reagéieren an do wou mer am Kontakt mam Bierger sinn soll d'Qualitéit vun eisem Service nach weider verbessert ginn. Ech sinn iwwerzeegt, dass duerch dee groussen Asaz vun der ganzer Equipe aus dem Ministère dës Reform zu engem séchere Succès féiere wäert.

Mir hunn eis och d'Moyene gi fir d'Bild vun eisem Land dobausse besser ze promovéieren an déi Valeuren, fir déi mir astinn, mat der Image de marque vu Lëtzebuerg besser ze verknäppen. Mir wëlle méi aktiv wéi an der Vergaangenheet ons traditionell ekonomesch a gesellschaftlech Ouverture, ons Solidaritéit no bannen an no baussen, dat harmonescht Mateneen an enger Lëtzebuerger an och schonns europäescher Gesellschaft als Standortvirdeeler vermaarten, an deene falschen an eesäitege Clichéen, mat deene mir oft confrontéiert sinn, entgéinttrieden.

Mir wëssen awer och, datt domat en Effort verbonnen ass, dee sech iwwer laang Joren erstreckt an deen ni wierklech ofgeschloss ass. Et ass awer en Effort, deen der Méi wäert ass an deen op d'Mataarbecht vun enger ganzer Rei vun Intervenanten, esouwuel aus dem staatleche wéi dem privatwirtschaftleche Beräich ugewisen ass, déi et ze fédéréieren heescht.

Här President, d'Présidence gëtt eng Erausfuerderung fir de Ministère des Affaires étrangères, mä och fir all déi aner Ministèren natierlech, fir eis Missiounen am Ausland a fir eis ganz Verwaltung, jo fir eist ganzt Land. Mir meeschtere se wa mer enk zesummestinn. Den Apport vu jidderengem, och vu jidderengem heibannen, gëtt dobäi gebraucht.

Lëtzebuerg presidéiert als eent vun deenen éischte Länner eng Unioun vu 25 Staten. Mat eenzelne ware mir schonn an onser laanger Geschicht enk verbonnen a freeën eis op déi nei Zesummenaarbecht. Mä mir mussen eis, no enger laanger Trennung an engem gedeelten Europa, ustrengen, dës State besser ze verstoen, hiert Wiesen ze begräifen, an och ëm Versteesdemech fir eis Belaanger werben. D'Kris am Irak huet och dat extra däitlech gemaach.

Eng verstäerkte Lëtzebuerger Presenz an deene Länner ass dofir onerlässlech. Wéi schonns annoncéiert wëlle mer bis Enn 2005 a Polen an an Ungarn direkt present sinn.

Beim Statsbesuch am Oktober vum leschte Joer hu mer eis Missioun an der Tschechescher Republik opgemaach, en emotionellen an historesche Moment. Glécklech Relatiounen an der Vergaangenheet sinn och haut nach eng gutt Basis fir eng dynamesch an effizient Zesummenaarbecht.

Lëtzebuerg muss present sinn duerch resident oder net resident Missiounen an alle Länner vun der Europäescher Unioun an an alle Kandidatelänner. Firwat brauche mer méi wéi jee dëst Instrument? Kenne mer vläicht eis Noperen net gutt genuch? Brauche mer nach

Leit, déi eis erkläre wéi dat Land, wou si Lëtzebuerg vertrieden, fonctionnéiert?

D'Äntwert op dës Froen ass evident. Jo, mir brauche méi wéi jee eise Réseau vun Ambassaden. An dat fir d'éischt, well mer op der Plaz professionell Leit brauchen, déi eis Interesse kënne presentéieren an erklären, a wann et néideg ass och verteidegen. Eis Missioune si fir d'Regierung a fir eis Ekonomie de Filter fir aus där enormer Zuel vun Informatiounen, déi eis haut zur Verfügung stinn, dat erauszefiltere wat fir eis essentiel ass an engem bestëmmte Moment oder an enger bestëmmter Sachlag. Si bréngen eis och d'innepolitesch Sensibilitéit vum Land, wou si wunnen, méi no a wësse wéini Positiounen un d'Limitë vum politesch Méigleche stoussen. Dëst Instrument am Ausland ass fir eis ganz Administratioun och e Service provider vun Informatiounen a Wëssen, deen de Lëtzebuerger Ministèren eng Valeur ajoutée an hire speziellen Dossierë bréngt. Dat hu mer oft kënne feststellen.

D'Missioune sinn awer och do fir eis Bierger am Ausland ze ënnerstëtzen. D'Honorarkonsulen zum Beispill vu Lëtzebuerg an der ganzer Welt stinn och de Lëtzebuerger zur Verfügung a si hunn eng wichteg Roll fir eist Land ze vertrieden. Dofir hunn ech d'Entscheedung och getraff, eis Honorarkonsulen a regelméissegen Ofstänn op Lëtzebuerg ze invitéieren, fir hinnen d'Geleeënheet ze gi sech nach besser mat den Erausfuerderungen, déi op eist Land zoukommen, vertraut ze maachen. Ech hat där Reuniounen elo schonn zwou.

E groussen Deel vun deene verschiddene Funktioune vun eisen Ambassaden a Konsule si bei der Présidence 2005 speziell gefuerdert. Dofir brauche mer Assurancen iwwer eng Personalopstockung vun eisem diplomatesche Réseau. Dir wäert domat sécher nach konfrontéiert gi bei de Budgetsdebatte vum nächste Joer.

Ech hunn dëst Joer verschidde Punkten, Här President, manner detailléiert behandelt wéi se et verdéngt hätten. Dat betrëfft net nëmmen eis erfollegräich Présidence vum Conseil de l'Europe vu Mee bis November 2002, mä och all eis bilateral Aarbecht. An eisem Rapport annuel, deen dëser Chamber jo virläit, fannt Dir dës Elementer am Detail.

Ech wëll just, stellvertriedend fir villes wat doran opgezielt ass, e ganz wichtegt Evenement vum leschte Joer hei zitéieren, an zwar deen neien UEBL-Accord, deen ech den 18. Dezember zu Bréissel ënnerschriwwen hunn. Vun enger Unioun, déi haaptsächlech e wirtschaftlecht a monetäert Fundament hat, stellt déi nei UEBL e méi breede privilegéierte Kader duer, deen eng Rei nei Secteure betrëfft an doduerch d'Belsch als eisen éischte Partner nach bestäerkt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dëser Zäit, déi geprägt ass vum Krich am Irak, hunn ech et indispensabel fonnt, mäin Discours vun haut ronderëm d'Wichtegkeet vun deenen direkt betraffenen internationalen Institutiounen ze zentréieren. D'Europäesch Unioun an déi kommend Présidence sinn eis natierlech do ganz no. Ech wollt och erkläre wéi eis Diplomatie schafft a wou. D'Diskussiounen ëm den Irak hu jo bewisen, dass déi diplomatesch Aarbecht essentiel a Krisesituatiounen ass, a wa se keng Solutioun bréngt, Dramatesches ka passéieren.

Mir brauchen eng handlungsfäeg a gëeenten Europäesch Unioun, eng partnerschaftlech, transatlantesch Allianz, a schlussendlech eng UNO, an där all hir Memberen zesummeschaffen, fir dat internationaalt Recht geltend ze maachen a fir Kricher ze vermeiden oder Krise bäizeleeën.

Lëtzebuerg ass e Membre fondateur vun der UNO, der NATO an der Europäescher Unioun. Mir gleewe weider un déi Strukturen. Si sinn et, déi d'Welt an den Aangelen halen. Si musse gestäerkt ginn, an dat verlaangt en neien Elan. Lëtzebuerg wëllt hëllefen dësem Elan de Wee opzemaachen. Mir hunn d'Méiglechkeeten an Europa an iwwer Europa eraus, en aktive Beitrag ze bréngen, a mir wëllen a wäerten déi Méiglechkeeten och voll ausnotzen. Ech zielen do op Är Ënnerstëtzung.

Ech soen Iech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vun der Madame Ausseminister Lydie Polfer.

Déi nächst Sitzung ass muer de Mueren um néng Auer. D'Sitzung vun haut ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 16.11 heures)***

## MERCREDI, 2 AVRIL 2003

# 45E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. Communication
2. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur la position luxembourgeoise dans les discussions européennes concernant la révision de la politique agricole commune *(Discussion générale)*
3. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR au sujet du développement alarmant du chômage au Luxembourg *(Discussion générale)*
4. Dépôt d'un projet de loi
5. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR au sujet du développement alarmant du chômage au Luxembourg *(Discussion générale - suite)*
6. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur la position luxembourgeoise dans les discussions européennes concernant la révision de la politique agricole commune *(Suite - Motion - Vote)*
7. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP au sujet de la situation de l'enseignement musical dans les différents ordres du système scolaire, dans les conservatoires, dans les différentes écoles de musique ainsi que dans les associations culturelles *(Discussion générale)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mme Erna Hennicot-Schoepges, MM. Michel Wolter et François Biltgen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 9.02 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

### 1. Communication

Ech wollt der Chamber folgend Kommunikatioun maachen:

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés le

*- Projet de loi 5113 modifiant la loi modifiée du 21 mars 1966 portant institution d'un Conseil économique et social.*

Haut de moien hu mer op eisem Ordre de jour dräi Aktualitéitsstonnen. D'Riedezäit ass nom Artikel 78 vum Chambersreglement festgehalen a gesäit folgendes vir:

Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktioune jeeweils fënnef Minutten, der Sensibilité politique zwou Minutten an der Regierung eng Véirelsstonn.

Als éischt hu mer eng Aktualitéitsstonn iwwert den Ackerbau. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Clement, Wohlfart, d'Madame Durdu, déi Häre Mehlen a Gira.

D'Wuert huet elo den Här Robert Mehlen als Vertrieder vun der Fraktioun vum ADR, deen dës Aktualitéitsstonn ugefrot huet.

### 2. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur la position luxembourgeoise dans les discussions européennes concernant la révision de la politique agricole commune

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass schwéier an zéng Minutten esou e komplexen Thema ofzehandelen.

***(Interruption)***

Dat ass awer net meng Schold, Här Clement. Ech hat eng Interpellatioun ugefrot, an dann hätte mer en halwen Dag Zäit gehat.

E puer Virbemierkungen, Här President, well soss hu mer d'Zäit scho verplempert ier mer richteg amgaange sinn.

1. Et hätt eigentlech missen en Débat de consultation sinn a mengen Aen, op Initiativ vun der Regierung. De Prinzip soll nämlech bleiwen, datt an esou wichtege Froen, déi zu Bréissel verhandelt ginn, d'Regierung d'Chamber soll consultéieren, an dat ass bei der Agrarpolitik nach méi wichteg, well déi bal exklusiv zu Bréissel gemaach gëtt.

2. Et ass schued, datt esou e wichtegen Thema am Fënnefminuttentakt hei muss ofgeweckelt ginn. Am Ausland muss ee soen, datt d'Agrarpolitik dach awer nach méi Gewiicht an der gesamt politescher Diskussioun huet wéi hei zu Lëtzebuerg, wou déi Diskussioun sech ëmmer méi am Kader vun Agrarspezialisten ofwéckelt. Dat däerf awer net sinn, well d'Agrarpolitik betrëfft net nëmmen d'Baueren an d'Wënzer, mä d'ganz Gesellschaft, well et e ganz komplexen Thema ass, deen esouwuel d'Nahrungsmëttel wéi d'Ëmwelt, wéi och d'Nahrungssécherheet, d'Energiepolitik, d'Entwécklungspolitik an esou weider betrëfft.

3. Dësen Débat fënnt an enger Zäit statt, wou eis Baueren a Wënzer extrem veronséchert sinn an d'Zukunft vun engem liewensfäegen Agrarsecteur hei zu Lëtzebuerg méi wéi jee a Fro gestallt ass.

4. Et ass onméiglech dësen héich politeschen a brisanten Thema an zéng Minutten ofzehaken.

***(Interruption)***

Här Rippinger, Dir verpasst all Geleeënheet fir de Mond ze halen.

Dofir, Här President, wollt ech soen, datt mer hei haut de Moie keng Diskussioun kënne féieren iwwert Detailer, esou wéi den Här Fischler se virgeschloen huet, mä datt ech mech hei leider muss op eng Prinzipiendiskussioun limitéieren. Dat wollt ech soen, a wann Der de Mond gehalen hätt, dann hätt ech dat scho laang gesot.

D'Regierung muss, Här President, natierlech hire Verhandlungsspillraum zu Bréissel behalen. Dat ass ganz kloer. Wou der esou vill ronderëm den Dësch sëtzen, an et soll ee Kompromëss fonnt ginn, muss d'Regierung eng gewësse Marge de manoeuvre behalen, mä si muss awer och wësse wéi wäit se goen däerf. Dofir ass et natierlech wichteg, datt se op mannst mat der Agrarkommissioun vun der Chamber permanent am Gespréich bleift.

5. Et ass néideg, datt vun dësem Débat e ganz kloert Signal un d'Lëtzebuerger Landwirtschaft ausgeet, egal wat och ëmmer zu Bréissel soll décidéiert ginn. D'Lëtzebuerger Chamber an d'Regierung sinn net bereet, an dat soll de Message sinn, weider Verschlechterunge vum Akommes a vun de Liewenskonditiounen an der Landwirtschaft hinzehuelen. D'Erhalung an d'Förderung vun eise Baueren- a Wënzerbetriber muss eng vun den éischte Prioritéite vun der Lëtzebuerger Politik sinn a bleiwen.

Den Enjeu vun dësem Débat, Här President: No der Agenda 2000 sollt an der Mëttelzäit eng Kéier gekuckt gi wat d'Effete vun dëser Reform wären an et sollte liicht Korrekture gemaach ginn. Un der Basis vun den lwwerleeunge stinn natierlech d'WTO-Verhandlungen, déi hei immens staark mat era spillen, an d'EU-Osterweiderung. D'WTO, erëm stéchwuertarteg d'Landwirtschaft, däerf deenen aneren Interessen, Industrieinteresse virun allem, net ënnergëuerdnet ginn. Dat schéngt awer hei ganz kloer de Fall ze sinn.

Importer aus Drëttweltlänner sollen en Element vun Entwécklungspolitik sinn. Et muss een dat awer ganz differenzéiert kucken. Well do wou nëmme multinational Gesellschafte profitéieren, ass et ganz sécher keen Element vun Entwécklungspolitik, an dofir muss een et ënnert dem Aspekt vun der Nohaltegkeet kucken a kucken ob tatsächlech déi kleng Produzenten dovu profitéieren.

EU-Erweiderung, dat anert Stéchwuert, däerf kee Pretext si fir eis, d'Landwirtschaft nach méi ënner Drock ze setzen. Souwisou ass e gemeinsamen Agrarmaart bei deene bestehenden Ënnerscheeder eng Quadratur vu Kris.

D'Stéchwuert Nohaltegkeet: Et kann net sinn datt eng Europäesch- an eng Weltagrarpolitik gemaach gëtt, déi net d'Prinzipie vun der Nohaltegkeet respektéiert, esou wéi se zu Rio an ënner anerem och zu Kyoto festgehale si ginn. D'Sécherung vun der Ernährung an allen Deeler vun der Welt, eng ernährungsphysiologesch vollwäerteg a gesond Nahrungsmëttelproduktioun, Oprechterhale vun de stoffleche Kreesleef an der Natur, Erhalung a Schutz vun den natierleche Ressourcen, Buedem a Waasser haaptsächlech, Erhalung vun der Biodiversitéit, positiv Energiebilanz a maximal Ausnotzung vum energetesche Potenzial vu Land- a Forstwirtschaft, Aarteschutz fir d'Bauere muss ee bal soe weltwäit, Erhalung vun enger genügender - an dat ass wichteg -, grousser Zuel vu Bauere mat hirem Know-how a Bauerebetriber.

Leider, Här President, ginn dës Imperativen, déi absolut Prioritéit missten hunn, ëmmer méi enger Welthandelsdoktrin geaffert, déi dësen Ziler nëmme begrenzt oder guer net Rechnung dréit. Ech erlabe mer, obschonn d'Zäit esou kuerz ass, de Professer Dr. Rademacher, dee sech intensiv mat där Problematik auserneegesat huet, kuerz ze zitéieren. E seet: „Weltpolitisch ist es heute ein Problem, dass die USA, die die höchste soziale Ungleichheit unter den entwickelten Staaten aufweisen, über das WTO-System indirekt Druck auf die anderen Entwicklungsstaaten ausüben, in dieselbe Richtung zu gehen. Die vermeintliche Überlegenheit des USA-Modells beruht dabei nicht primär auf inherenten Vorteilen ihres gesellschaftlichen Designs, sondern darauf, dass sie dies weniger auf Nachhaltigkeit, dafür aber stärker auf Plünderung und Vorteilnahme so wie darauf ausgerichtet ist, dass das heutige freihandelsdominierte weltökonomisches System ein derartiges Verhalten honnoriert statt es zu bestrafen." An ënnert deem Drock ginn och de Moment déi Ännerunge preparéiert.

Här President, ginn déi proposéiert Reformen dësem Usproch gerecht? Ganz kloer neen. D'Nahrungsmëttel sollen nach méi bëlleg ginn, d'Betriber sollen nach méi performant ginn, d'franséischt Institut INRA an d'hollännescht Institut Wageningen hunn ausgerechent, datt den zukünftege Mëllechbetrib 250 bis 1.000 Kéi misst halen. Dat sinn amerikanesch Verhältnisser, Här President, déi mir hei net wëllen. Wéi solle bei esou Perspektiven dës Familljebetriber nach Vertrauen an hir Zukunft hunn an investéieren?

E puer Stéchwierder bei där Reform, déi virgeschloe gëtt, d'Präispolitik. Mir soe ganz kloer datt d'Präissenkungen dat falscht Signal sinn. Et muss och nach e Respekt virun de Liewensmëttel do

sinn an et kann ee se net als Ramschwuer mat bëllege Präisser dobausse verkafen.

Upassungen un de Weltmaart gi verlaangt, mä wat ass de Weltmaart? Et sinn Dumpingspräisser. Dat erkennt jiddereen un, deen eppes dovu kennt. Mir si jiddefalls grondsätzlech fir uerdentlech Präisser, an deementspriechend da vläicht méi niddreg Ausgläichszahlungen.

Dat zweet ass, d'Mëllechquoten ofschafen oder bäibehalen. Mir soe bäibehalen, a Kombinatioun mat käschtenorientéierte Präisser. D'Restrukturéierung, Här Minister, net forcéieren. Eng Famill muss haut mat 40 Mëllechkéi kënne liewen. Et däerf een och de Problem vum Quotentransfert an deem wat dat déi aktiv Betriber kascht net aus den Ae verléieren.

En anere Sujet, dee ganz intensiv diskutéiert gëtt, ass dee vun der Endkoppelung vun de Primen. Do soe mer grondsätzlech jo, wann ee weess wéi een et richteg soll maachen. Esou wäit wéi méiglech onofhängeg vu Produktioun a Produktiounsmëttelen. Mir wëssen awer wéi schwiereg datt et ass. Dofir si mer der Meenung, datt d'Virschléi vun der Kommissioun net realistesch sinn, datt se grouss Changementer an de Betriber an och am Betribsakommes wäerten ervirruffen, wann nëmmen d'Stéchwuert kënnt, datt een zum Beispill eng Mëllech- a Schwéngsproduktioun kënnt maache mat Mammekouprimen am Hannerréck, da gesäit ee wéi absurd datt dat Ganzt ass.

Et kënnt ee sech eng Léisung virstelle wou d'Primë géingen nei opgedeelt ginn, no den Aarbechtskräften am Betrib an nom Gesamtdeckungsbeitrag deen am Betrib erwirtschaft gëtt, mä, wéi gesot, et muss ee kucken datt do net d'Kand mat der Buedbidden ausgeschott gëtt.

Primë gesi mir haaptsächlech bei käschtendeckende Präisser als Ausgläich fir Standuertnodeeler an Ausgläich vu Liewensstandardënnerscheeder an deene respektive Länner.

Da stellt sech zum Schluss nach d'Fro: Wouhi mat den Iwwerschëss? Well de Problem an der europäescher Agrarpolitik ass jo deen, datt mer ze vill hunn an enger Partie vu Produktiounen.

Mir soe ganz kloer, dass d'Iwwerschëss an der Europäescher Unioun gréisstendeels duerch Importer vu Fuddermëttel provozéiert ginn. Dat ass erëm eng Kéier contraire zum Nohaltegkeetsprinzip, grad esou wéi eng ganz Partie Saachen, déi virgeschloe sinn, contraire sinn zum Nohaltegkeetsprinzip. Mir plädéiere fir eng Kreeslafwirtschaft. Mir plädéieren derfir, dass keng Energieverschwendung däerf gemaach ginn an och keng Verschwendung vu primären Nahrungsmëttelen, wéi dat de Moment gréisstendeels geschitt.

D'EU soll Selbstversorgerniveau ustriewen an net op den Export setzen, wouduerch nämlech de Problem entsteet. Mir fannen, datt ee soll eng Koppelung ustriewe vun der Veredelung un d'Flächen am Betrib, dat ass d'Mëllech-, d'Fleesch- an d'Eeërproduktioun. Mir sinn och derfir, dass een nieft dem traditionellen alimentairë Standbeen en zweet Standbeen opbaut, nämlech den Opbau vun enger Agrarenergieproduktioun, well mir wëssen datt et mat deem wat zu Kyoto décidéiert an engagéiert ginn ass bäi wäitem net duer geet, wa mer d'Weltklima stabiliséiere wëllen. Dann als allerleschte Punkt ass d'Stilllegung, esou wéi se elo weider virgesinn ass, op kee Fall ze vertrieden.

Här President, ech hunn eng Motioun virbereet, wou déi Punkte grosso modo festgehale ginn. Ech ginn Iech eng, déi ech eleng ënnerschriwwen hunn. Ech hunn awer och eng mat fënnef Ënnerschrëfte fir de Fall wou déi aner Fraktiounen net bereet wären dat mat ze droen. Ech wollt déi Motioun awer och deenen aneren zur Ënnerschrëft fräistellen.

Ech soen Iech merci.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- ayant pris connaissance des propositions de réforme de la politique agricole commune de la Commission européenne;*

*- soucieuse de la sauvegarde et du développement harmonieux de notre secteur agricole et viticole;*

*- soutenant le gouvernement luxembourgeois dans sa démarche d'éviter un bouleversement brusque de la politique définie au sein de l'agenda 2000;*

*invite le Gouvernement*

*- à défendre au sein des instances communautaires une politique agricole assurant la viabilité de nos exploitations agricoles et viticoles de type familial, tout en s'inscrivant dans une politique de développement durable et de protection de l'environnement;*

*- à soutenir une politique visant à favoriser une production animale liée étroitement aux surfaces fourragères propres de l'exploitation agricole;*

*- à s'opposer contre les abaissements proposés des prix institutionnels;*

*- à œuvrer pour le maintien du système actuel des quotas laitiers et contre l'augmentation des quantités nationales de référence;*

*- à favoriser une réforme visant à découpler prudemment les primes de la production agricole, en mettant l'accent sur la main-d'œuvre active et en évitant la création d'un marché de droits de primes;*

*- à s'opposer à des solutions qui vont augmenter encore davantage les paperasseries actuelles;*

*- à prendre toutes mesures utiles afin de développer à part du secteur alimentaire un secteur énergétique, permettant d'utiliser d'une manière optimale les surfaces excédentaires (non nécessaires à la production alimentaire) pour une production systématique d'énergies renouvelables sur base de matières organiques produites à cet effet;*

*- à mener un échange intensif avec la commission agricole parlementaire luxembourgeoise tout au long des négociations concernant cette réforme agraire, préconisée par la Commission européenne.*

*(s.) Robert Mehlen, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Camille Gira, Georges Wohlfart.*

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech denken, datt d'Virschléi vum Agrarkommissar Franz Fischler an dësem Haus hinlänglech bekannt sinn. Jiddefalls huet de Landwirtschaftsminister Fernand Boden deene Leit, déi an der Agrarkommissioun sinn, Ried an Äntwert gestanen an hinnen och déi néideg Explikatiounen zu dësem Thema ginn. D'Diskussioune ronderëm déi gemeinsam europäesch Agrarpolitik huet bal, géif ech soen, an alle Memberstate fir zolidde Wirbel gesuergt. Ech géif soen zurzäit sinn d'Fronten am Agrarministerrot nach deementsprechend verhäert.

Et steet fir eis als CSV-Fraktioun haut ausser Zweifel, dass déi kommend EU-Erweiderung déi gemeinsam Agrarpolitik viru grondleeënd Erausfuerderunge stellt. Et ass awer fir eis grad esou kloer, dass déi prekoniséiert Reformen, déi elo um Dësch leien, nëmmen als Diskussiongrondlag dénge soll. Deemno soll ee se net als scho finaliséierte Moossnamekatalog gesinn, dee bannend ass, souwuel fir déi aktuell Memberstate wéi och fir déi zukünfteg Memberstaten.

Här President, bedauernswäert ass an dësem Kontext, datt de Kalenner, wéi en 1999 um EU-Sommet zu Berlin festgehale ginn ass, mat dem Virstouss vum EU-Kommissar Franz Fischler, e bësselchen ënnergruef gouf. D'Propositioune beschränke sech nämlech net nëmmen op e puer Ajustementer, e puer Korrekturen, mä setzen elo schonns déi vermeindlech Jalone fir eng zimlech grondleeënd Reform vun der EU-Agrarpolitik. Et ass, wéi schonns gesot, net akzeptabel d'EU-Agrarpolitik an engem relativ kuerzen Zäitraum vu sechs Joer engem fundamentale Wandel ze ënnerzéien. Neiorientéierungen, virun allem am Agrarberäich, sinn nämlech ëmmer mat grousse Käschten, Ëmstellungen an administrativem Opwand fir de Bauer verbonn. Duerfir si se net an deem Mooss kuerzfristeg ze realiséieren.

D'Auswierkunge vun der Agenda 2000 hu sech op d'Maartentwécklungen an op d'Agrarausgaben duerchaus positiv entwéckelt. Statt op dës Entwécklunge mat liichte Korrekturen an Ajustementer ze reagéieren, schéisst d'EU-Kommissioun awer wäit iwwert d'Mandat vum Berliner Sommet eraus. Aus dëse Grënn deelt d'CSV-Fraktioun zu engem groussen Deel d'Suergen, déi vun de Lëtzebuerger Baueren zum Ausdrock bruecht gi sinn.

Virum Hannergrond awer vun de Liewensmëttelskandaler aus deene leschte Joren a Méint kann a muss déi gemeinsam Agrarpolitik als iewegt Zil hunn, gesond an onbedenklech ze produzéieren. D'Produktioun muss deemno an Aklang si mat der natierlecher Ëmwelt a mat de Prémissë vum Bien-être des animaux. Des Weidere geet et drëm de ländleche Raum op eng nohalteg Aart a Weis weiderzëentwéckelen. Ech denken, iwwert dës Ziler sinn d'Verbraucher, d'Produzenten an d'Politik sech eens. Mëttel- wéi laangfristeg stëmmen d'Interesse vun de Baueren deemno och mat deene vun de Verbraucher iwwereneen, an dat aus diverse Grënn.

D'Liewensmëttelsécherheet bei der Produktioun, den Ëmweltschutz an déi ländlech Entwécklung kënnen awer zu engem groussen Deel nëmme vum Bauer selwer en musique gesat ginn. D'Politik, souwuel déi europäesch wéi och déi national, ass hei gefuerdert fir d'Instrumenter ze schafen, déi fir de Bauer selwer akzeptabel, mä virun allem och praktikabel sinn.

Ënnerschiddlech Opfaassunge bestinn awer doriwwer wéi dës Instrumenter sollen ausgesi mat deenen dës Ziler erreecht gi sollen. Déi vun der Kommissioun virgeschloe Moossname wéi d'Entkopplung an d'Kierzung vun den Hëllefe stoussen dofir an dësem Moment och an der CSV-Fraktioun op gréisser Skepsis. Et huet sech erausgestallt, dass Lëtzebuerg net eleng mat senge Bedenken do steet. Ech wëll op e puer vun dëse Bedenken agoen.

Mir kritiséiere virun allem d'Festschreiwe vu sougenannten historesche Virdeeler fir verschidde Baueren. Et besteet virun allem de Risiko, datt sech eng nei Kluft tëschent den aktiven an den net aktive Baueren opdeet. Prioritäert Zil vun der Politik muss et sinn, dass den aktive Bauer ënnerstëtzt gëtt. Mat dem System vun der Entkopplung vun de Primen, déi einfach op d'Land iwwerdroe gi sollen, gëtt en fin de compte de Verpächter an de Propriétaire vun Ackerbaufläche bevirdeelegt. Et ass also e System, deen d'Präisser vu Pachtland an d'Luucht dreift an esou de Pensionéierte quasi eng Zousazpensioun verschaaft.

Et kann ee wuel d'Zil vum Här Fischler sengen Entkopplungsvirschléi fir d'Primë vun der Produktioun lass ze koppelen novollzéien, et kritt een doduerch d'Produktioun wahrscheinlech besser an de Gréff, well de Bauer eng Iwwerproduktioun net méi als éischt Geldquell muss ugesinn, mä de Modell fir d'Geld an der Landwirtschaft ze halen, andeems een d'Primen uniquement op de Terrain leet, ass a sech net akzeptabel. Hei missten aner Facteure wéi zum Beispill d'Aarbechtskräfte pro Betrib mat eng Roll spillen. Den Terrain dierft maximal 20 bis 30% berücksichtegt ginn. Ech géif soe mir schafe mat dësem Modell, deen den Här Fischler virschléit, wahrscheinlech méi Problemer wéi mer der domat léise kënnen.

D'Entkopplung vun den Direkthëllefe vun der Produktioun soll un d'Anhale vun de Kritären an de Beräicher Ëmwelt, Liewensmëttelsécherheet an Déiereschutz gebonne ginn. Dat ass op den éischte Moment als positiv unzegesinn, mä virun allem sinn d'Standarden an dëse Beräicher ganz schwéier ze kontrolléieren a se sinn och mat engem enormen administrativen Opwand gläichzestellen.

Et ass kloer, dass mer als CSV-Fraktioun nëmmen enger Politik fir d'Entwécklung vum ländleche Raum eis Zoustëmmung kënne ginn. Si erfëllt duerch geziilte Programmer déi multifunktional Roll vun der Landwirtschaft an déi qualitéitsorientéiert Produktioun vun Agrarprodukten. Fir dass de Bauer awer dëser Zilsetzung ka gerecht ginn, muss et zu engem substanziellen Ofbau vun den administrative Barrièrë kommen an zu méi Subsidaritéit um Niveau vun den eenzelne Memberstaten.

Ech erënneren nach eng Kéier drun, dass eis Baueren elo schonns d'Kritären a puncto Ëmwelt-, Déiereschutz an nohalteger Entwécklung zu engem groussen Deel erfëllen, an dat no de Virgabe vun eisen nationale Programmer. Schonn haut fléisse 35% vun den nationalen Ausgaben am Agrarberäich an d'Entwécklung vum ländleche Raum. No de Reformen, wéi se vum éisträicheschen EU-Kommissar virgeschloe ginn, riskéieren déi Lëtzebuerger Programmer net méi an deem Mooss ënnerstëtzt ze ginn. Doduerch geet insgesamt der Lëtzebuerger Agrarwirtschaft, géif ech soen, Geld verluer.

D'Argument vum Här Fischler, datt e Groussdeel vun deenen agespuerten Direkthëllefen herno zréck an déi ländlech Entwécklung fléissen, muss een awer unzweifelen, well se no engem Schlëssel verdeelt ginn, deen net méi onbedéngt favorabel fir Lëtzebuerg ass. Wat d'Mëllechquoten ubelaangt ass déi Lëtzebuerger Positioun kloer, huet den Här Boden eis an der Agrarkommissioun gesot, an zwar dass mer fir eng Verlängerung vun de Mëllechquote sinn, an dat iwwer 2008 eraus.

Et ass fir d'CSV-Fraktioun kloer, dass eng qualitéits- an ëmweltorientéiert Agrarpolitik mat enger nohalteger ländlecher Entwécklung kompatibel muss sinn. Et ass awer zu gläicher Zäit kloer, dass et duerch dës nei Moossnamen net zu substanziell finanziellen Abréch bei eise Bauere kommen däerf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, dass ech an deene puer Minutten - ech hunn zwar elo zwou Minutten iwwerzunn, bal dräi -,…

***(Brouhaha général)***

Ech hoffen, dass den Här Landwirtschaftminister dëse Bedenken nokënnt a se bei deenen ustehende Verhandlungen op europäeschem Plang zur Geltung brëngt.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Georges Wohlfart agedroen. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

M. Georges Wohlfart *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter Woche suergen d'Virschléi vum EU-Kommissär Fischler net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä an allen interesséierte Milieuen an der Agriculture an Europa fir Diskussiounsstoff an och, géif ech soen, fir Onrou.

Et ass nämlech esou, dass den Agrarkommissär aus Éisträich, der Meenung vu villen Expären no, iwwert d'Zil ewech geschoss huet, wat am Agenda 2000 virgesi war, nämlech an der Halschent, am Joer 2003, eng Bilanzéierung ze maache vun deem Agenda 2000 a wéi déi Politik gegraff huet, mä hei ass schlicht an einfach eng grouss, eng déifgräifend Reform op den Dësch geluecht ginn. Ech mengen, de Kärpunkt, an dat hunn och meng Virriedner schonn ënnerstrach, vun de Virschléi vum Här Fischler besteet an der Lasskopplung vun de Subventioune vun der Produktioun, an dann am Géigenzuch d'Ausbezuele vun enger Eenheetsprime, déi op der Moyenne vun deenen dräi leschte Jore soll berechent ginn.

An a fir sech kann een net am Fong geholl géint de Prinzip vun der Lasskopplung sinn, mä ech géif awer soen, dass d'Aart a Weis, wéi dat hei virgeschloen ass, méi Problemer mat sech wäert brénge fir den aktive Bauer, wéi ee sech dat kënnt a priori erwaarden. Op där anerer Säit, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, solle mer eppes net ënnerschätzen. Ech froe mech, ob d'Akzeptanz beim Konsument an och beim Steierzueler fir eng Akommeshëllef, déi komplett vu Produktiounskritäre lassgekoppelt ass, op vill Versteesdemech stéisst. Dat ass eng Iwwerleeung, déi een och net soll vergiessen, mä den Haaptpunkt ass deen, dass an de Virschléi vum Här Fischler dës Prime soll eng Moyenne si vun deene leschten dräi Joer. Och meng Virriedner hunn drop higewisen, dass dat sécherlech eng Rei Problemer wäert mat sech brénge fir déi Baueren, déi Land musse pachte goen. Et ass net vun der Hand ze weisen, dass do kënne substanziell finanziell Mehrausgaben op d'Betriber zoukommen. Dat ass jo awer eppes, wat mer an de leschte Méint verstäerkt erlieft hunn am Mëllechsecteur, wou jo fir d'Quoten zum Deel, wann ech et däerf esou ausdrécken, astronomesch Zuelen an der Tëschenzäit bezuelt ginn.

Ech kann och net verstoen, dass et net méiglech soll sinn, um Niveau vun der europäescher Agrarpolitik, dat Element vun der Aarbecht, d'Aarbechtskraaft iwwerhaapt an iergendenger Form kënnen an de System vun Hëllefen anzebannen. Ech ka mer virstellen, dass et net einfach ass, dass et do eng ganz Rei juristesch Problemer gëtt, mä wann ech kucke wéi vill Reglementer laut Ausso vum Här Minister an der Agrarkommissioun hei néideg si fir déi Primen auszebezuelen - 38 un der Zuel -, da kann ee sech awer virstellen, dass dat och keng einfach Saach ass. Ech wëllt dann och emol gesi wéi dat herno, wann dat géif duerchgesat ginn, um Terrain dann ausgesäit, wat d'Kontrollen, den administrativen Opwand ugeet, wat d'Auszuele vun dëse Prime betrëfft.

Op där anerer Säit ass et och esou, dass Kierzungen - a mer schwätzen hei vu Beträg tëschent 5.000 Euro a 50.000 Euro a vu ronn 12,5% - an d'A gefaasst sinn. Ech mengen, e groussen Deel vun de Lëtzebuerger Familljebetriber sinn un dës Hëllefen, leider Gottes, ugewisen. Vill vun onse Betriber däerften e substanziellen Akommesverloscht erliewen, wann ee weess dass bis 40% vun den Akommessen iwwert dëse Wee momentan an d'Betriber fléissen. Dat soll een och net aus den Ae verléieren.

Nach e Wuert just iwwert d'Zukunft vum Mëllechsecteur. Och hei ass et nach net kloer, wéi et no 2008

soll viru goen. Dat ass jo de Stéchdatum, wou décidéiert gëtt, ob de Quotesystem an der Europäescher Unioun weidergefouert gëtt, jo oder neen. Wann ee kuckt, dass och hei an de Propositioune mëttelfristeg Akommesaboussen net auszeschléisse sinn, quitte dass se zum Deel solle kompenséiert ginn, ass dat e Wee, dee ganz gefëierlech ass.

A wat geschitt no 2008? Dat ass déi grouss Fro. Momentan am Ministerrot schéngt et jo esou ze sinn, dass awer eng Rei Länner wëllen op de Wee goen, deen den Här Fischler préconiséiert, an dass d'Fro an der Landwirtschaft sech gestallt gëtt: Behale mer de Quotesystem mat senge Vir- an Nodeeler, déi mer jo och kennen, oder wat kënnt no 2008 op d'Bauerebetriber zou? Dat alles dréit net dozou bäi, géif ech soen, fir Rou an de Secteur ze kréien.

Aus all deenen Iwwerleeungen, Här Minister, kënne mir lech voll Ënnerstëtzung zousoen, dass Der zu Bréissel am Ministerrot d'Intérête vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft kënnt verteidegen, well onser Analys no déi Propositioune vum Här Fischler net wäerte garantéieren, dass mer europawäit eng flächendeckend Agrarpolitik an Agraraktivitéit kënnen oprecht erhalten. A wa mer wëssen, dass zum Beispill d'Lëtzebuerger Familljebetriber iwwerhaapt an Dimensiounen um europäeschen Niveau do stinn, déi momentan scho vill Schwieregkeeten hunn, da geet et hei ganz kloer ëm d'Iwwerliewe vun enger Rei vu Betriber.

Niewent der Europaagrarpolitik, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi jo zum groussen Deel d'Agrarpolitik zu Lëtzebuerg bestëmmt, ass et awer och esou, dass mer net sollen ons national Hausaufgaben aus den Ae verléieren. Ech wollt just ee Wuert soen zu deem Retard, dee beim Ausbezuele vun de Primen agetrueden ass. Et gëtt jo eng Rei Ursaachen, déi ugefouert ginn. Ech weess net, ob den Ouschterhues elo all Bauer, deen nach Primen zegutt huet, a Form vun Ouschtereeër déi Prime fir Ouschtere wäert an d'Nascht leeën, wéi vill Leit sech dat erwaart hunn, ech hoffe just, dass de Retard do esou schnell wéi méiglech kann opgeschafft ginn.

Just nach eng Fro un den Här Landwirtschaftsminister: Wéivill där Anträg leie momentan nach vir, déi bis elo net konnten zur Zefriddenheet vun de Bauere behandelt ginn?

En anere Volet, deen och hei ugeschnidde ginn ass, ass dee vun der Produktioun vu gesonde Liewensmëttel, vun Nohaltegkeet, Ëmweltfrëndlechkeet an esou virun. Ech wëll drun erënneren, dass mer virun eppes méi wéi zwee Joer e grouss gefächerten Hearing hei am Haus hate mat allen Interesséierten aus dem Secteur, mat den interesséierte Ministèren a Verwaltungen. Mir haten duerno eng Debatt. Et sinn eng Rei Konklusioune gezu ginn an engem Rapport, dee mer dann och hei gehéiert an debattéiert hunn. Ech wollt just froen: Si mer ons sécher, dass mer déi noutwendeg Konklusiounen net nëmmen an deem Rapport gezunn hunn, mä och an d'Praxis ëmgesat hunn? Ech hunn a Communiquéë vun de Gewerkschaften aus dem Beruffssecteur gelies, dass elo erëm jiddferee géif a sengem Eck seng Hausaufgab maachen, mä dass am Fong geholl eng national Kohesioun do géif feelen.

Nach eppes Leschtes, Här President, wat mer um Häerz läit, dat ass dass mer ons kënne wënschen, dass am Kader vun enger, géif ech soen, nach gréisserer Globaliséierung vun der Agrarpolitik et noutwendeg ass, dass hei zu Lëtzebuerg déi Synergiegespréicher, déi momentan ugelaf sinn ënner schwierege Viraussetzungen ënnert deenen eenzelnen Acteuren, wat d'Vermaarktung zu Lëtzebuerg vun eenzelne Produktiounen ugeet, dass déi onser Meenung no mussen erfollegräich ofgeschloss ginn. Wa mer wëllen net nëmmen am regionale Kader mä doriwwer eraus och am europäesche Kader konkurrenzfäeg bleiwen, da mussen nei Strukture geschafe ginn, déi performant sinn an déi et erlaben och zu Lëtzebuerg verschidde Standbeener vu Produktioun a Vermaarktung oprecht ze halen. Dofir mussen awer verschidde Leit iwwer hire Schiet kënne sprangen.

Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Agenda 2000 gouf 1997 vum Här Fischler virgestallt, ass de Mäerz 1998 approuvéiert ginn an en huet virgesinn, datt Präisbaissen op d'Baueren zoukéime vun 20% am Beräich vun de Céréalen, 15% bei der Mëllech an 30% beim Fleesch.

Deemools hat ech eng Fro un de Landwirtschaftsminister gestallt a gefrot, wéi vill Akommesperten dat fir d'Lëtzebuerger Bauere géif bedeiten. D'Äntwert deemools vum Minister wor, datt eng 647 Milliounen un Akommes géife bei de Bauere feelen. A wann ee bedenkt, datt deemools d'Akommes vun de Bauere global gesinn 3,1 Milliarden ausgemaach huet, da weess ee wat den Agenda 2000 fir eng Erausfuerderung fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft wor. Elo wëllt also den Här Fischler nach eng Kéier nobesseren!

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Et ass besser gaangen.

Mme Agny Durdu *(DP).*- Et ass besser gaangen, Gott sei Dank, mä an där Äntwert, déi Dir mer deemools ginn hat op Basis vun deenen Donnéeën, déi Dir deemools hat, war déi doten.

Elo wëllt den Här Fischler also nach eng Kéier nobesseren an e berifft sech do op den Drock vun de WTO-Verhandlungen, mä d'EU-Erweiderung mécht natierlech och hiren Drock fir sech. Dës Nobesserunge sollen da bis zum 1. Juli 2003 iwwert d'Bühn sinn, fir datt se fir d'Wirtschaftsjoer 2004 well kënne lafen.

D'Virschléi si bekannt, si si vu menge Virriedner hei gesot ginn, an dofir brauch ech elo net nach eng Kéier drop anzegoen. Et bedeit op alle Fall, déi Virschléi all mateneen, datt et nach eng Kéier dozou kënnt, datt d'Präisser wäerten erofgoen an et wäert dann nach eng Kéier eng Erausfuerderung op d'Lëtzebuerger Landwirtschaft duerkommen. Der Meenung vun eiser Partei no, sinn déi Virschléi, déi elo gemaach gi sinn, fatal fir d'Lëtzebuerger Baueren, déi souwéisou well um Schluss vun der EU-Tabell sti beim Revenu agricole. 2001 gouf et do nach e Réckgang vun 0,6%. A wann een d'Grafike kuckt vum Lëtzebuerger Akommes bei de Baueren, gesäit een, datt et zënter dem Agenda 2000 stagnéiert, voire erofgeet.

Den Akommes vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft ass an deene leschte véier Jore réckleefeg gewiescht vis-à-vis vun aneren EU-Memberen, an de Produktiounswäert ass 2001 ëm 9,8% réckleefeg gewiescht. Géigeniwwer vun anere Beruffer ass d'Landwirtschaft also kaum nach kompetitiv, wann déi Politik vun der EU nach an deem dote Sënn viru gefouert gëtt. Dofir ass d'Äntwert op déi Fro, déi vun der ADR-Fraktioun gestallt gouf, op déi Debatt vun haut, am Fong geholl ganz einfach. Mir als DP droen d'Skepsis vum Minister Boden, dee géintiwwer vun dëse Virschléi vum Här Fischler seng Bedenken op méi Aart a Weisë virgedroen huet, sief et an offizielle Standpositiounen, wéi eben an der Kommissioun vun der Chambre de l'Agriculture vun der Kommissioun hei vun der Chamber, wou mer déi Analyse vum Här Fischler senge Propositioune gemaach hunn.

Ech hunn awer béis de Verdacht, an ech hoffe jo zwar, dass ech Onrecht behalen, mä wann ech och un de Comité des régions zu Bréissel denken, an deem ech sinn, a wou elo e Rapport festgehale gouf, eben zu där Midtimerevue an der Agriculture, hunn ech ongléckleche rweis, leider Gottes de Verdacht, wéi wann den Här Fischler géif e groussen Deel vu senge Vuen duerchsetzen. Dann ass fir mech déi wichteg Fro net déi: Wat ass eis Positioun dozou? Quitte dass dat d'Skepsis ass a bekannt ass. Mä meng Fro ass éischter déi: Wat maache mir hei am Land mat der Landwirtschaft? Wat fir Äntwerten a wat fir Hëllefstellunge gi mer de Bauere bei eis am Land?

Wann ech eist Agrargesetz gesinn, wann ech d'Onsécherheet, déi am Baueremilieu ass, gesinn, wann ech dann awer gesi wéi vill dass d'Baueren an deene leschte Joren an och elo momentan nach investéieren a Gebaier, a Quoten an a Land, dann ass ganz kloer de Wëllen, fir Bauer ze sinn a Bauer ze bleiwen, bei hinnen net gebrach ginn.

Mä nach sinn ech der Meenung, datt mer hinne mussen Hëllefstellunge ginn. Wat sinn déi? Menger Meenung no ass eng richteg Berodung mol op alle Fall kruzial. Ech mengen et ass wichteg dass all Betrib eenzel begräift, datt ee sengem Betrib muss méi wéi ee Standbee ginn. Et kann ee sech haut net méi op eng Produktioun verloossen.

Mä ech denken dann och u ganz alternativ Akommesméiglechkeeten, déi sech eng ganz Partie vun hinne well zougeluecht hunn, a wou anerer - menger Meenung no - wäerten nokommen, dat sinn d'Biogasanlagen, d'Wandmillen, déi jo anscheinend ertragsfäeg sinn - a bei mir woren et d'Baueren, déi do investéiert hunn, an déi Equipe wäert nach an een zweete Wandpark investéieren -, an ech denken un d'Solarzellen, déi an deene leschte Woche wierklech massiv gefrot gi sinn.

Mä dann denken ech awer och nach un eng aner Problematik, där mir eis menger Meenung no musse stellen, a si ass och vu menge Virriedner well kuerz ugedeit ginn, an dat ass nämlech d'Qualitéit. Ech mengen d'Qualitéit, dat huet sech erwise bei deenen Debatten déi mer iwwert d'Liewensmëttelsécherheet haten, ass an deene meeschte Fäll a bei der Lëtzebuerger Produktioun do. Mä déi Fro déi ech mer stellen ass déi: Gi mer eis d'Méiglechkeeten, déi Qualitéit richteg ze vermaarten?

Ech sinn der Meenung, dass mer onbedéngt eng national kloer Zertifizéierung brauchen. Ech weess net, ob et esou richteg ass, fir hei op e Genre EU-Label ze waarden. Ech weess, dass zu Bréissel dorunner geschafft gëtt, mä nach sinn ech der Meenung, mir misste vläicht éischter handelen. Ech weess och, dass mer natierlech ënnert dem Drock vun deem EU-Label wäerte stoen, ech weess och, dass mer un eis Noperen Däitschland, Frankräich an d'Belsch mussen denken, wou mer eis Marchandisë wëllen écouléierenn, mä ech sinn awer nach der Meenung, dass mer solle selwer elo handelen, well de Risiko, wa mer ouni d'Zertifizéierung do stinn, ass deen, dass d'Produzente jo awer mussen an d'Ausland verkafen an datt si sech einfach un déi auslännesch Labelen an déi auslännesch Zertifizéierung wäerten halen oder sech dorunner orientéieren.

Ech weess net, ob dat eng positiv Léisung fir eis Landwirtschaft ass. Ech fanne mer sollten, sou wäit wéi dat méiglech ass, eis Lëtzebuerger Landwirtschaft sou gutt vermaarten, wéi mer dat kënnen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech kann a fënnef Minutten nëmme ganz kuerz aus grénger Siicht en Iwwerschlag maachen iwwert déi Reformen, déi den Här Fischler op den Dësch geluecht huet.

Mir ginn dovun aus, dass eng nohalteg Agrarpolitik eigentlech misst dozou bäidroen, folgend Ziler ze erreechen:

1. Liewensmëttelsouverainitéit an Europa, awer och an der Welt garantéieren;

2. sou vill wéi méiglech Bauerebetriber mat engem uerdentlechen Akommes ze erhalen;

3. gesond Liewensmëttel an eng aartgerecht Déierenhaltung garantéieren; a

4. d'Ëmwelt schounen an eng villfälteg Kulturlandschaft erhalen.

Déi proposéiert Moossname muss een eiser Meenung no also op de Raster vun deenen doten Ziler leeën a kucken, ob se deenen Ziler méi nokommen oder éischter dozou bäidroen, méi wäit ewech ze kommen.

Ech wëllt dann déi dräi wichtegst Propose vum Här Fischler an deem dote Liicht probéiere ganz kuerz hei ze analyséieren - déi dräi Moossnamen:

1. d'Erofsetze vun den Exportsubventiounen;

2. d'Entkopplung vun de Bäihëllefe vun der Fläche an der Zuel vun den Déieren; an

3. d'Modulatioun, fir méi Gelder an den zweete Pilier vun der ländlecher Entwécklung eriwwer ze kréien.

Éischtens zu dem Erofsetze vun den Exportsubventiounen. Ech menge sécherlech dass dat eng positiv Moossnam ass, well mer weder ekonomesch nach ethesch weider vertriede kënnen, dass mer zu engem risegen Dumping um Weltmaart bäidroen, wou mer rise Schued op de Mäert am Süden uriichten a wou mer doudsécher net zur Liewensmëttelsouveräinitéit vun deene Länner bäidroen. Ech ginn lech e Beispill: Wann een EU-Poulet fir 1,40 Euro an Afrika verkaf gëtt, wou d'Produtiounskäschte bei 2,3 Euro leien, dann droen do mer sécherlech näischt zum Opbau vun enger nohalteger Landwirtschaft am Süde bäi. Dofir begréisse mir prinzipiell déi Décisioun oder déi Propos, fir d'Exportsubventiounen erofzefueren.

Zweetens, zur Entkopplung, do sinn och mir der Meenung, dass se am Prinzip ze begréissen ass, mä se awer de Moment, wéi se ausgesäit, ebe just zu enger Verfestegung vun der bestehender Situatioun bäidréit, déi dra besteet dass 80% vun de Subventiounen an 20% vun de Betriber geet, an dass de Moment och nach éischter déi scho bevirdeelegt Regiounen insgesamt besser ewech komme wéi déi benodeelegt. A wann een elo déi lescht dräi Joren hélt, fir d'Subsidien definitiv anzefréieren, da verfestegt een déi dote Situatioun fir eng länger Zäit, an dat, mengen ech, kënne mir jo och net vertrieden.

Mir sinn och der Meenung, dass ee weiderhi mat deenen dote Mesurë riskéiert en enorme Strukturwandel an déi Richtung ze dreiwen, dass herno nach just déi produzéieren, deenen hir Produktiounspräisser ënnert de Maartpräisser leien. Dat riskéiert, dass innerhalb vun de Regiounen déi eng Betriber nach ëmmer méi grouss ginn an déi aner vläicht aus dem Secteur erausginn, an dass och d'Landwirtschaft sech deemnächst wäert nëmmen op déi ganz produktiv Regioune konzentréieren, während anerer vläicht lues a lues eidel ginn an d'Kulturlandschaften net méi erhale ginn. Dat ass eng reell Gefor, déi mir bei där doter Method vu Subsidie gesinn.

Drëttens, den Transfert an d'ländlech Entwécklung gesäit de Moment aus, wéi wann en net wäit genuch géing goen, wéi wann déi Suen, déi do eriwwer géinge goen, wierklech nëmme minimal wieren a sécherlech net dozou bäidroen dësen zweete Pilier vun der ländlecher Entwécklung massiv ze stäerken.

Insgesamt ass eis Konklusioun, dass d'Resultat vum Här Fischler senge Proposen eigentlech enttäuschend ass. Et ass e bëssche wéi een et scho bei deene Reforme virdru konnt gesinn. Eigentlech huet d'Bréisseler Kommissioun eng gutt Analys vun der bestoender Situatioun gemaach, hir éischt Propose sinn och ganz oft an eng gutt Richtung gaangen, mä wann awer da bis de Widderstand vun deenen eenzelne Länner kënnt, awer och d'Lobbye vun deenen, déi eben 80% vun de Subsidë kréien, ufänken hir Wierkung zu Bréissel ze zéien, da bleift ganz oft net méi vill bestoen.

A wéi eng Richtung missten also eiser Meenung no d'Propose goen?

1. D'Geld, wat verdeelt gëtt, misst vill méi geziilt u sozial an ekologesch Usprëch gebonne ginn. Mir verstinn och net, dass wann ee ka Primen u Flächë bannen, da misste ee se och kënnen - wéi hei scho gesot ginn ass - un Aarbechtskräfte bannen. Et ass sécherlech net méi an net manner komplizéiert an déi Richtung ze goen, wéi an déi bestehend.

2. Mir sinn der Meenung, dass een endlech iwwer Minimalpräisser muss diskutéieren. Et ass dach net normal, dass hei Milliounen Tonne vu Liewensmëttel ënnert de Gestehungspräisser verkaf an akaf ginn. Mir sinn der Meenung, dass ee muss iwwer Antidumpingsgesetzer nodenken an dass eigentlech keng Liewensmëttel méi ënnert dem Produktiounspräis vum Bauer däerfe kaf ginn. Mir sinn der Meenung, dass dat eng Pist kënnt sinn, wou endlech erëm eng aner Diskussioun iwwer Präisser vu Liewensmëttel kënnt kommen.

3. Mir sinn der Meenung, dass d'Bedingunge fir d'Subventiounen iwwer méi Berodung a wirtschaftlech Ureizer misste verbonne ginn an net nëmmen iwwer Sanktiounen a Kontroll. Ech mengen d'Landwirtschaft muss selwer interesséiert sinn, dass se zu engem bessere Resultat an der Landschaft dobausse bäidréit. Mir sinn der Meenung, dass een endlech muss dozou kommen, dass e Resultat vun engem Schaffe priméiert gëtt an net eng Method oder eng Fläche oder eng Zuel vun Déieren.

4. Et ass evident fir eis, dass méi Geld muss an déi zweet Sail eriwwer.

5. E wichtege Punkt ass, dass fir Qualitéit net nëmmen däerf beim Bauer gesuergt ginn, mä och virdrun an hannendrun. Ech mengen déi ganz Kontexter vun ëmmer erëm optauchende Skandaler weisen eis dat, dass et kee Wäert huet déi ganz Efforten nëmmen op d'landwirtschaftlech Betriber selwer ze axéieren, mä dass een och déi virgeschalte Lieferanten an déi nogeschalte Veraarbechtungsbetriber muss mat an déi ganz Chaîne eran huelen, a kucken dass do wierklech eng Zertifizéierung kënnt.

6. Mir sinn der Meenung, dass mer e qualitativen Ausseschutz brauchen, deen eben u sozial an ekolo-

gesch Kritäre gebonnen ass. Mä da musse mer an Europa awer fir d'éischt eis Hausaufgabe maachen an och dem Rescht vun der Welt kënne kloer maachen, dass eis Landwirtschaft flächendeckend an an alle Beräicher wierklech och deeneselwechte Kritären entsprécht.

7. An do ginn ech dem Robert Mehlen Recht, dass méi oft hei am Parlament, mä och am Europaparlament, iwwer Landwirtschaftspolitik diskutéiert muss ginn. Et kann net sinn, dass iwwert déi vill Gelder, déi verdeelt ginn, nëmmen déi däerfe matschwätzen, déi d'Gelder kréien, et muss och sou sinn, dass déi, déi déi Gelder finanzéieren, an déi déi d'Produite vun der Landwirtschaft kafen, och e Recht hu matzediskutéieren, soss ass et geschwënn, wéi de Georges Wohlfart gesot huet, mat der gesellschaftlecher Akzeptanz vun dëse Subsiden eriwwer, an ech mengen net dass dat glécklech ass, well dat ass och de Schluss vun enger existéierender gemeinsamer Agrarpolitik.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Landwirtschaftsminister Fernand Boden.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe merci fir dës Diskussioun. Ech weess, dass jiddfereen hei ënner Zäitdrock steet, datt kee vill Zäit huet fir am Detail an enger Aktualitéitsstonn iwwert dës Problematik ze diskutéieren.

Ech wëll awer och nach eng Kéier ënnersträichen, dass et jo net déi éischte Kéier ass, dass mir iwwert d'Virschléi vum Här Fischler a vun der Kommissioun, wat d'Agrarpolitik ubelaangt, diskutéieren. Ech war zweemol an der Chamberskommissioun, souwuel nom Juli wéi den Här Fischler seng éischt Virschléi op den Dësch geluecht huet, wéi och elo nom Januar wéi d'Kommissioun dann hir definitiv Reglementsvirschléi gemaach huet.

Ech hunn lech och all Kéiers d'Stellungnahm vun der Regierung schréftlech zougestallt, fir dass Der gesi konnt wat d'Regierung an enger éischter direkter Reaktioun, déi jo direkt komme muss, zu deene Virschléi am Agrarconseil gesot huet. Ech mengen, mir hunn och eng gutt Diskussioun an der Chamberskommissioun gehat. Dat huet dozou bäigedroen, datt hei an der Chamber d'Stellungnahm an d'Positioun vun der Regierung zum gréissten Deel Zoustëmmung fënnt, an datt ech hei vun deene meeschte Leit encouragéiert gi si fir weider dofir anzetrieden, datt déi Virschléi vun der Kommissioun eng gutt an nohalteg Agrarpolitik an Zukunft erméigleche kënnen, mä datt awer d'Lëtzebuerger Landwirtschaft net ze vill dorënner ze leide kritt, fir datt mer hei am Land weiderhin eng zolidd Landwirtschaft behale kënnen.

Ech mengen, et ass ganz kloer e puermol gesot ginn, dass déi meescht Leit sech iwwert d'Ziler vun der gemeinschaftlecher Agrarpolitik eens sinn, an zwar dass et drëm geet fir gesond a sécher Liewensmëttel hierzestellen, dass déi landwirtschaftlech Produkter sollen esou hiergestallt ginn, dass se den Ëmwelt- an den Déiereschutz assuréieren, an dass d'Landwirtschaft eng sougenannte multifunktionell Roll dobäi ze spillen huet, andeem se dozou bäidréit, dass eis Landschaft erhale bleift an dass d'Vitalitéit vum ländleche Raum ofgeséchert gëtt.

Dann ass et natierlech evident, datt och eng Landwirtschaftspolitik muss dozou bäidroen, dass déi Leit, déi an der Landwirtschaft schaffen, en ugemiessend Akommes erwirtschafte kënnen.

Ech géif soen iwwert déi doten Ziler sinn net nëmmen d'Baueren an d'Politiker, mä och d'Konsumente sech eens. Et gëtt jo ganz vill iwwert déi ganz Problematik diskutéiert. Deen eenzege Problem, dee besteet, ass deen, dass zwar iwwert d'Ziler vill Leit sech eens sinn, mä iwwert d'Instrumenter fir dës Ziler ze erreeche ginn et grouss Meenungsverschiddenheeten. Eng ganz Rei vu Memberstate sinn der Meenung, dass dat wat den Här Fischler elo als Instrumenter virgeschloen huet, besonnesch d'Entkopplung, d'Dégressivitéit an och de Gel fixe à long terme net déi richteg Instrumenter si fir déi Ziler, iwwert déi mir eis eens sinn, ze erreechen oder besser ze erreechen, wéi dat haut de Fall ass mat der aktueller Politik, déi bedriwwe gëtt.

Ech wëll duerfir nach eng Kéier soen, datt Lëtzebuerg prinzipiell dovun ausgeet, dass ee fir d'Konsolidéierung vun dem sougenannten europäesche Modell vun der Landwirtschaft, deen ënnert der Lëtzebuerger Presidentschaft definéiert an duerno e puermol vum europäesche Rot confirméiert ginn ass, antriede soll, an datt een all Reformschrëtt, déi een ënnerhëlt, ënnert deem Aspekt kucke soll.

Ech wëll nach eng Kéier soe wat deen europäesche Modell vun der Landwirtschaft ass. Dat ass eng nohalteg Landwirtschaft. Eng Landwirtschaft, déi kompetitiv ass, déi multifunktionell ass an déi iwwerall an Europa, also och a benodeelegte Gebidder, funktionéire kann.

Wéi gesot, mir versiche bei Reformschrëtt ëmmer deenen doten Aspekter Rechnung ze droen, se ënnert deenen Aspekter ze analyséieren, an duerfir kënne mer mat enger Rei vu Propositioune vun der Kommissioun net averstane sinn, well mer der Meenung sinn dass se net deenen dote Kritären entspriechen.

Wéi déi meeschte Leit hei gesot hunn, trëtt d'Lëtzebuerger Regierung a fir eng Verstäerkung vun der Entwécklung vum ländleche Raum, dem sougenannten zweete Pfeiler vun der europäescher Agrarpolitik. Dës zweet Sail vun der europäescher Agrarpolitik erlaabt et deene verschiddene Memberstaten duerch spezifesch Programmen déi multifunktionell Roll vun der Landwirtschaft geziilt ze ënnerstëtzen an och d'Produktioun vu regionale Qualitéitsprodukter ze fërderen. Et ass jo dat och d'Stäerkt vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft.

Mir sinn natierlech enttäuscht iwwert d'Virschléi vum Här Fischler, well se net d'Signal ginn, datt et an Zukunft drëm geet besonnesch déi zweet Sail virrangeg ze stäerken. Déi éischt Virschléi vun der Kommissioun am Juli si méi wäit gaangen. Do sollte jo Gelder agespuert ginn an der sougenannter éischter Sail vun de Maartuerdnungsorganisatiounen. Déi sollten transféréiert ginn an déi zweet Sail, fir do geziilt Programmer maachen ze kënne fir d'Entwécklung vum ländleche Raum.

An deenen definitive Virschléi ass dat vill manner staark ginn, fir Suen eriwwer ze huelen an déi zweet Sail. Dat heescht dat Signal do ass nach vill méi staark ofgeschwächt ginn. Et ginn eng Rei vu Virschléi gemaach fir nei Programmen an der Entwécklung vum ländleche Raum, der zweeter Sail, wat d'Qualitéit ubelaangt, wat de Bien-être des animaux ubelaangt, fir déi duerchzezéien, mä et si keng Suen oder net genuch Sue virgesi fir dat maachen ze kënnen. Also do ass ee Problem, wou ech der Meenung sinn et misst ee méi staark an déi zweet Sail era Suen dirigéieren.

Ech wëll lech nach eng Kéier e puer Zuele soen. Déi europäesch Gelder, déi an d'Landwirtschaft investéiert ginn, ginn zu 90% an d'Maartuerdnungen an nëmmen zu 10% an d'Entwécklung vum ländleche Raum. Dir wësst, dass mir hei zu Lëtzebuerg vill méi wäit ginn, dass mir praktesch bal d'Halschent vun de Suen, déi mer un d'Bauere bezuelen, an d'Entwécklung vum ländleche Raum stiechen. Mir sinn also der Meenung, datt dat wat mir hei scho méi laang maachen an e puer aner Länner och, och um europäesche Plang méi staark gemaach gi soll, well mer der Meenung sinn, dass dat déi richteg Politik wär. Wéi gesot, dat gëtt an de Virschléi net genuch gefördert.

Dann triede mer duerfir an, datt eng Vereinfachung vun den Dispositiounen a vun de Programmer an der Entwécklung vum ländleche Raum kënnt. Do hu mer grouss Problemen. Et gëtt ëmmer vu Vereinfachunge geschwat, mä déi Virschléi, déi dann um Dësch leien, ginn oft an eng aner Richtung. Mir sinn der Meenung, dass dem Zil vun der Vereinfachung net genügend Rechnung gedroe gëtt. Mir sinn och der Meenung, dass ee méi Spillraum misst hu fir déi eenzel Memberstaten, fir duerch geziilt Programmen hirer Landwirtschaft kënne besser gerecht ze gi wéi dat haut de Fall ass.

Dann ass hei gesot ginn et misst een antriede fir eng méi gerecht Verdeelung vun de Bäihëllefen tëschent de Baueren. Et gëtt jo ëmmer ugeprangert, dass praktesch 20% vun de Baueren 80% vun de Bäihëllefe kréie géifen. Mir hunn dat als e wichtegt Zil dohinner gestallt a mir sinn enttäuscht dass d'Kommissioun net de Courage huet fir ze versichen deem Zil méi gerecht ze ginn.

An hiren éischte Virschléi hate se e Plafong agesat. Et hätt kee Betrib dierfe méi wéi 300.000 Euro Bäihëllefe kréien. Dat si jo ganz vill Suen. Dat hu se elo op Drock vun den Däitschen a vun den Englänner fale gelooss. Se féieren zwar bei der sougenannter Dégressivitéit e puer Palieren an. Déi ënner 5.000 Euro Bäihëllefe kréien, déi kréie keng Kierzungen, déi tëschent 5.000 a 50.000 Euro Bäihëllefe kréien, déi kréien eng gewësse Kierzung, an déi iwwer 50.000 Euro Bäihëllefe kréien, déi kréien e bësse méi eng grouss Kierzung. Mir sinn der Meenung, dass deen éischte Palier ze niddreg ass, an dass iwwert deem Palier vu 50.000 Euro och nach aner Palieren hätte kënnen agefouert ginn, fir ebe méi eng gerecht Verdeelung vun de Bäihëllefen ze kréien.

Mir sinn och enttäuscht doriwwer, datt bei der sougenannter Entkopplung, iwwert déi ech och nach wéilt e puer Wuert soen, déi historesch Referenz vun de Bäihëllefe geholl gëtt an déi ongerecht Verdeelung am Fong festgeschriwwe gëtt op bal éiweg Zäiten, esou laang wéi déi entkoppelt Primen op jidde Fall géifen ausbezuelt ginn. Och do menge mer, datt dat net ganz richteg ass. Dat féiert souwisou zu enger ganzer Rei vu schwierege Problemen.

Wat nun d'Entkopplung selwer ubelaangt, esou si mer géint eng eenheetlech, komplett vun der Produktioun entkoppelt Bäihëllef, esou wéi d'Kommissioun se virgeschloen huet, besonnesch well se och nach op där historescher Referenzperiod baséiert. Hei hunn eng Partie Leit gesot, dass an der Theorie déi entkoppelt Prime eng gutt, eng akzeptabel Iddi wär. Jo, an der Theorie ass se och akzeptabel, mä et gesäit een dass ganz oft den Däiwel am Detail läit, wann een dat da soll ëmsetzen. Do sinn déi Propositiounen, déi d'Kommissioun mécht, fir Lëtzebuerg net akzeptabel aus enger ganzer Rei vu Grënn.

Mir hunn zesumme mat enger Rei vun anere Memberstaten e puer erlee Grënn, fir net mat där Prime d'accord ze sinn. Fir d'éischt emol politesch Grënn. Ech mengen, datt d'Legitimitéit vun enger entkoppelter Prime, déi net méi un eng richteg landwirtschaftlech Aktivitéit gebonnen ass, ganz schnell vun de Steierzueler géif a Fro gestallt ginn, esou dass mer also géifen duerch déi total entkoppelt Prime am Fong den Ufank vum Enn vun dëser Prime alauden. Primë kréien an näischt dofir maachen, wéi gesot gëtt, dat ass eppes wat net laang haltbar ass. All Maartreguléierungsinstrument verschwënnt och duerch eng entkoppelt Prime.

Da sinn ekonomesch Grënn do, an déi schénge mer och ganz wichteg ze sinn. De Risiko ass nämlech grouss, dass duerch déi entkoppelt Prime déi landwirtschaftlech Produktioun a verschiddene Beräicher a besonnesch och a benodeelegte Gebitter net méi interessant si kéint a verschwanne kéint. Esou datt mer also eng Verschiebung géife kréie vun der landwirtschaftlecher Produktioun ewech vu benodeelegte Gebitter, dass mer och eng Verschiebung géife kréien tëschent de Secteuren - ech mengen den Här Mehlen huet och op eng Rei vu Problemen tëschent de Secteuren higewisen - a virun allem, dass all Maartreguléierungsinstrument verschwënnt, dat heescht eng gréisser Präisinstabilitéit kënnt.

Virun allem ginn et awer och déi sozial Grënn, dass et zu groussen Ëmwälzungen, zu grousse Spannunge kéint kommen tëschent Betriber, déi ophale wëllen, a Betriber, déi weiderfuere wëllen, tëschent Pächter a Verpächter, well jo déi entkoppelt Prime dem Pächter gehéiert, a wann deen ophält, da kann e se verkafen, mat oder ouni Land.

Do gëtt et eng ganz Rei vu juristesche Problemer, ganz sécher. Et bréngt Sträit an Dierfer, ass vu villen Expäre gesot ginn, an déi aktiv Bauere musse bezuele fir dierfe Landwirtschaft ze bedreiwen.

Dat si vill Grënn, woufir mer der Meenung sinn, datt déi entkoppelt Prime, esou wéi se virgeschloe ginn ass vun der Kommissioun, net an déi richteg Richtung geet an datt een do op jidde Fall muss Iwwerleeunge maachen, ob een net kann eng deelentkoppelt Prime aféieren. Et muss een natierlech wëssen, wat dat heescht. Fir eenzel Secteure kéint ee sech dat mol virstellen. Oder eng Prime, déi nach un d'Produktioun deelweis gebonne wär, mä deelweis awer och entkoppelt wär. Do si mer amgaangen eis Gedanken driwwer ze maachen, wéi ee kéint déi Iddi, déi ville Leit sympathesch ass, eventuell verwierklecht kréien.

Iwwert d'Conditionnalitéit se mer averstanen. Deen dee wëllt Primë kréien, dee muss gewësse Konditiounen a Kritären erfëllen, mä datt ee muss 38 Direktiven anhalen, datt Kritäre festgehale ginn, déi net quantitativ mä qualitativ sinn, an datt Sanktiounen ausgesprach gi bei all Kritär, deen net agehale gëtt an d'Prime erofgesat gëtt, dat schéngt mer eppes ze si wat iwwerdriwwen ass a wat bürokratesch keng Vereinfachung bréngt. Dat ass jo awer och ee vun den Objektiver vun der gemeinschaftlecher Agrarpolitik. Dat féiert ganz sécher dozou, datt déi Saachen do komplett inakzeptabel an onmachbar sinn.

Wat d'Dégressivitéit ubelaangt, sou si mer géint dat wat d'Kommissioun virgeschloen huet, well d'Dégressivitéit jo zum gréissten Deel net genotzt gëtt fir déi Sue riwwer ze transféréieren an den zweete Pilier, d'Entwécklung vum ländleche Raum, wat ee jo Modulatioun nennt, mä datt d'Dégressivitéit zum gréissten Deel virgesinn ass fir d'Finanzéierung vun zukünftege Reformen, déi mir als net néideg ëmfannen, besonnesch am Mëllechsecteur a bei de Céréalen. Déi Reforme kaschte vill Suen. Si sinn eiser Meenung no net néideg, dofir brauch een déi Dégressivitéit, sou wéi d'Kommissioun dat elo virschléit, net an deem Mooss ze maachen. Wéi gesot, mir sinn averstane mat der Modulatioun, mä net mat der Dégressivitéit.

Mir sinn d'accord, datt een de benodeelegte Gebitter muss méi staark Rechnung droen an der Entwécklung vum zweete Pilier, datt een déi fördert, mä mir sinn dergéint, datt een eng Dégressivitéit aféiert déi staark ass an déi zu Akommesverloschter fir d'Bauere féiert.

Mir sinn natierlech fir d'Bäibehale vun de Mëllechquoten iwwer 2008 eraus. Mir si frou, datt d'Kommissioun an déi Richtung geet. Mir sinn awer net d'accord domat, datt een nach soll iwwer déi vum Agenda 2000 scho virgesinne Präiskierzungen a Mëllechquotenopstockungen erausgoen. Dat bréngt eiser Meenung éischtens mol e groussen Akommesverloscht fir d'Mëllechbaueren a benodeelegte Gebitter, wou déi Produktioun riskéiert a Fro gestallt ze ginn. Mir sinn der Meenung, datt den aktuelle Regime am Mëllechsecteur den europäesche Budget net vill Geld kascht, an datt ee soll also bei deem bleiwe wat am Agenda 2000 virgesinn ass. Datselwecht soe mer och bei de Céréalen, wou mer der Meenung sinn, datt ee soll beim Status quo bleiwe wéi et am Agenda 2000 virgesi war. Déi Maartanalysen, déi d'Kommissioun selwer gemaach huet, déi weisen drop hin datt de Mëllechsecteur an de Céréalësecteur europawäit an esouguer weltwäit net am Déséquiliber sinn, mä am Contraire datt do e gewëssen Equiliber ass, datt also esou Reformen de Moment net néideg sinn.

Ofschléissend wëll ech soen, datt mer och dergéint si fir déi Flächestilllegung op zéng Joer festzeschreiwen, an datt een op deene stëllgeluechte Flächen iwwerhaapt näischt méi däerf drop produzéieren. Dat hu mer hei am Land jo gutt gemaach, datt mer zum Beispill Raps do séie fir herno Biodiesel ze maachen, an dofir si mer der Meenung datt ee soll, wann ee wëllt erneierbar Energië förderen, erlaben op stëllgeluechte Fläche Produktiounen ze maachen, déi net fir d'Alimentatioun geduecht sinn, dat ass jo verbueden, mä an déi Richtung gi fir erneierbar Energien ze förderen. Mir sinn also der Meenung, datt ee soll dat bäibehalen, wat elo ass: Rotationell Flächestilllegung an doropper esou Produktioune maachen. Dat wär och am Intérêt vun den Objektiver déi d'europäesch Agrarpolitik sech gesat huet.

Voilà, ech soen lech merci fir déi interessant an trotz allem opschlossräich Debatt hei. Ech sinn iwwerzeegt, datt mer nach méi wéi eng Kéier kënnen am Kader vun der Kommissioun, a wann et gewënscht ass och am Kader hei vun der Chamber, iwwer dës Politik diskutéieren, well et ass eng Politik déi ganz wichteg ass, déi ganz vill Leit ugeet, net nëmmen d'Baueren. Ech mengen, mir hunn alleguer Intérêt drun dofir ze suergen, datt mer och an Zukunft eng Landwirtschaft hunn déi nohalteg a staark ass.

M. le Président.- Den Här Mehlen freet nach d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här Minister, ech hunn opmierksam nogelauschtert. Wann ech gutt verstanen hunn, dann opposéiert Dir lech net deem, wat ech an der Motioun gefrot hunn. De Majoritéitsfraktiounen ass se net onsympathesch, mä se wollten awer Är Stellungnahm nach ofwaarden.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zum Vote vun der Motioun, déi ausgedeelt ginn ass.

***(Interruptions)***

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Wat soen d'Fraktiounen derzou?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, mir sinn averstane fir d'Motioun zréckzesetze bis no deem aneren Débat.

M. le Président.- Här Minister, Dir hutt kuerzfristeg déi Motioun eréischt kritt. Et liicht engem an, dass déi nach muss nogekuckt ginn. Den ADR schléit vir, fir se zréckzestellen.

***(Assentiment)***

Mir schléissen dee Punkt fir de Moment of a fuere weider mat eisem Ordre du jour vun haut. Mir kommen zur Aktualitéitsstonn iwwert d'Entwécklung vun der Aarbechtslosegkeet, déi vun der Fraktioun vum ADR ugefrot gouf. Et si bis elo agedroen: d'Häre Loes, Lux, Bettendorf a Bausch. D'Wuert huet den Här Gast Gibéryen als Vertrieder vun der Fraktioun vum ADR.

## 3. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR au sujet du développement alarmant du chômage au Luxembourg

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, esou wéi eis Kolleegen, déi déi éischt Aktualitéitsstonn genau an enger Stonn gepackt hunn, wäerte mer dann och versichen dës Debatt an enger Stonn iwwert d'Bühn ze kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vu Mount zu Mount kréie mer nei Chifferen iwwert d'Chômagentwécklung hei zu Lëtzebuerg. Lëtzebuerg war ëmmer bekannt als dat Land, wat am Prinzip keng gréisser Chômageproblemer kannt huet. D'Chifferen, déi mer awer an deene leschte Méint kréien, si méi wéi alarmant. Rekordzuele kréie mer presentéiert, wéi mer se virdrun nach ni kannt hunn.

Zënter 1999, am Fong seit déi nei Regierung am Amt ass, sinn d'Zuelen, wat d'Chômeuren ubelaangt, dramatesch geklommen. Sou zum Beispill d'Demandeurs d'emploi vu 5.351 op 7.545. Dat ass e Plus vun 2.194 Demandeurs d'emploi oder 41%. Also eng Progressioun.

D'Beschäftegungsmoossname sinn an d'Luucht gaange vun 1.751 op 2.869. Dat ass e Plus vun 1.118 Persounen oder 63,8%.

Am Total ass d'Zuel an d'Luucht gaange vun 7.102 op 10.414. Dat ass e Plus vun 3.312 Leit oder 46,6% an engem Zäitraum vu manner wéi véier Joer.

Den Taux de chômage, prozentual gesi vis-à-vis vun der aktiver Populatioun, ass vun 1999 vun 3,9 op 5,23% am Februar 2003 eropgaangen. An dësen Zuele sinn d'Frontalieren net berücksichtegt, déi am Fong an de Chômagezifferen an de Grenzregiounen opgefouert ginn an och vun do bezuelt ginn.

Déi offe Stellen, déi bei der Administration de l'Emploi gemellt ginn, déi gi lues a lues zréck. Sou hate mer am Januar nach 870 oppe Plazen, déi gemellt waren, an am Februar der nach 712.

E weidere wichtege Phenomeen, dee mer eiser Meenung no awer net däerfe bei deene Chifferen hei aus den Ae verléieren, dat ass datt mer am Fong eng paradox Entwécklung hu wat den Aarbechtsmaart am Zesummenhang mat der ekonomescher Entwécklung ugeet. Bei den Expäre gëtt allgemeng ugeholl, datt eng Ekonomie muss iwwer 2% wuesse fir zousätzlech Aarbechtsplazen ze schafen. Hei zu Lëtzebuerg hu mer am Fong de Contraire erlieft. Am Joer 2001 hu mer e wirtschaftleche Wuesstem vun 1% gehat, an 2002 hate mer e Wuesstem vun 0,5%. Mir hunn awer 2001 netto 10.000 nei Aarbechtsplaze geschafen, an 2002 hu mer 6000 nei Aarbechtsplaze geschafen. Also an engem Zäitraum vun zwee Joer, wou de wirtschftleche Wuesstem op zwee Joer gesinn nëmmen 1,5% gewuess ass, hu mer 16.000 nei Aarbechtsplazen hei am Land geschafen. Dat ass am Fong e Phenomeen dee paradox ass, well weltwäit dat aneschters analyséiert gëtt.

Wourop ass dat zréck ze féieren? Sécherlech hunn d'Betriber an enger Euphorie vun deene Boomjore virdrun nach agestallt, mä sécherlech awer och opgrond vun der falscher Interpretatioun vun der Regierung, déi am Joer 2002, also d'lescht Joer, nach ëmmer vun engem grousse Wuesstem geschwat huet an am Fong eréischt am September 2002 festgestallt huet, datt am Joer 2001 nëmme méi ee Wuesstem vun 1% war. Et ass also hei eng falsch Informatioun un d'Öffentlechkeet a virun allem un d'Ekonomie erausgaangen, déi der Realitéit net méi entsprach huet. Hei muss d'Regierung sech op d'Schëller klappen. Dat ass hire Feeler.

D'Gefor, datt de Chômage also weider wäert rapid klammen, besteet eleng opgrond vun där doter Analys. Wann d'Wirtschaft net wiisst a mir hu méi Leit agestallt an engem Zäitraum wéi de wirtschaftleche Wuesstum et an der Regel akzeptéiert, da muss een dovun ausgoen, datt d'Wirtschaft och déi Aarbechtsplazen erëm mëttel- oder kuerzfristeg wäert ofbauen.

Mir hunn dat schonn an der Diskussioun vun der Budgetsdebatt hei virbruecht a mir hunn deemools de Chiffer genannt vun 20.000, zwar ganz virsiichteg, well mer net wollte Panik maachen oder eng Stëmmung opbrénge wollten, wou mer virgeworf kritt hätte mir géifen hei wëlle Populismus bedreiwen, well mer géife vun 20.000 Chômeuren hei zu Lëtzebuerg schwätzen. Mir fäerten awer, dass mer Recht wäerte behalen, an datt mer bis Ausganks des Joers oder Uganks des nächste Joers net wäit dierfte vun deene Chifferen ewech sinn, wann net kuerzfristeg vun der Regierung aus hei reagéiert gëtt.

Sécherlech ass d'Regierung net schold un der allgemenger wirtschaftlecher Kris, déi weltwäit ass. Si ass och duerfir net schold fir den Abroch, deen op der Finanzplaz hei zu Lëtzebuerg geschitt, mä reagéiert d'Regierung net op anere Punkten, wou se awer responsabel ass, da muss se och d'Responsabilitéit iwwerhuelen iwwert déi Chômeuren, déi hei zu Lëtzebuerg selwer produzéiert ginn duerch eng falsch Politik, déi vun der Regierung esou bedriwwe gëtt.

Mir hunn zum Beispill gesot, datt d'Regierung hätt missen de Courage opbrénge fir beim Statsbudget onbedéngt Aschnëtter ze maache fir d'Konsumkäschte vum Stat am Gréff ze behalen a Prioritéiten an der Investitiounspolitik ze setzen, fir domadder genuch Sputt ze behalen, och als Stat, fir kënnen ze investéieren an domadder d'Handwierk, den Handel, de Bau an d'Mëttelbetriber grad elo an enger Zäit vu wirtschaftlechem Abroch weider ukuerbelen ze kënnen.

De Stat bremst awer. Mir stellen dat haut fest, wann ee mat deene Responsabelen aus praktesch alle gréissere Verwaltunge schwätzt, déi soen, datt se awer scho vun hire Ministeren Uweisunge kritt hu fir Projeten ze strecken, Projeten net auszeschreiwen a keng weider gréisser Projete kuerzfristeg an d'Aen ze faassen, wat politesch bis haut nach ëmmer dementéiert gëtt a wou vu Regierungssäit aus nach ëmmer esou gemaach gëtt wéi wann den Investitiounsprogramm bei der Regierung géif esou virulafe wéi en ëmmer geplangt war, wat awer an der Realitéit net méi de Plang ass.

Dann den Impôt commercial bei de Gemengen. Wa mer net kuerzfristeg mam Gemengeverband SYVICOL eng Léisung fannen, fir datt d'Gemengen den Abroch net méi staark spiere wéi de Stat e spiert, da wäert bei de Gemengen e ganz groussen Abroch kommen an den Investitiounen, wat da bei den Ingenieursbüroen, de Bureaux d'études, den Handwierksbetriber an de Baubetriber wäert grouss Schwieregkeete mat sech bréngen an de Chômage massiv an d'Luucht bréngen. Dobäi wieren d'Gemengen déi, déi flächendeckend direkt reagéieren an investéiere kéinten an esou dem Bau eng Relance offréiere kéinten, wéi de Stat se net kann offréieren. Mä wa mer déi Situatioun hei verpassen, dann ass d'Regierung schold un de Konsequenzen, déi déi Politik dann, wat de Chômage ubelaangt, mat sech bréngt.

D'Mëttelstandspolitik huet sech am Fong am Laf vun de Joren ëmmer limitéiert op lwwerschréften an op Ukënnegungen, mä fir reell Problemer ze léisen, wéi de Mëttelstand et a sengen Dokumenter verlaangt huet, dozou huet dës Regierung net de Courage gehat. D'Diversifikatiounspolitik vum Wirtschaftsminister Henri Grethen ass praktesch null gewiescht an deene véier Joer, wou hien elo do Minister ass.

***(Interruption)***

Aarbechtsplaze si keng geschafe ginn. Ech gesinn et ass eng Reaktioun vun der Demokratescher Partei do. Da muss se eis déi beweisen. Ech behaapten haut, datt de Wirtschaftsminister Henri Grethen méi Kiloen zougeholl huet an deene véier Joer, wou hie Minister ass, wéi dass hien Aarbechtsplaze geschafen huet.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Här Gibéryen, dat do ass jo awer e bëssen déplacéiert. Esou kann een awer net hei schwätzen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, et ass awer eng Realitéit.

M. le Président.- Lauschtert emol, mir wäerten awer hei net ufänken unter die Gürtellinie ze goen. Et war awer bis elo nëmmen üblech, dass een e Politiker kritiséiert fir alles dat wat hien an der Politik mécht, awer net dat doten. Wa mer dat doten ufänken, wou komme mir dann hin? Ech muss lech do op d'Plaz setzen an lech soen, dass dat doten net méi virkënnt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech zéien dat vis-à-vis vum Här Wirtschaftsminister Henri Grethen zréck,…

M. le Président.- Elo fuert weider mat Ärer Ried.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …mä ech hunn allerdéngs kee Beweis fir et zréckzezéien.

***(Interruption)***

Här President, d'PISA-Etüd huet kloer bewisen, wou mer drop histeieren an der Formatioun. Dat ass natierlech nëmmen eng Moossnam, déi mëttel- a laangfristeg ka gräifen, mä mir stellen awer fest, dass et och mat de Bildungsoffensive bei der Ukënnegung bliwwen ass, an doduerch datt mer net de Courage hu fir déi néideg Reformen am Enseignement duerchzezéien, wäerte mer och mëttel- a laangfristeg net à même si fir mar aarbechtsmaartorientéiert kënnen eng Formatioun ze maachen.

D'Ëmschoulung vun de Leit, déi am Chômage sinn, gëtt och net genuch maartorientéiert gemaach. Mir denken zum Beispill drun, datt an dem Horescaberäich an an der Landwirtschaft nach ëmmer grouss Demandë si fir Leit ze kréien aus Net-EU-Staten, obscho mer op der anerer Säit, wéi gesot, 11.000 Leit bis elo bal hunn, déi am Chômage sinn. Hei si mer och der Meenung, datt politesche Courage gefrot ass, fir datt een eben och eng Partie Leit, déi elo vläicht traditiounsgeméiss net wollten an déi Secteure schaffe goen, awer och dohinner beweegt ka kréien.

Mat weidere Problemer musse mer eis befaasse wéi zum Beispill mat den Interimsgesellschaften, wou praktesch nëmme Frontaliere beschäftegt ginn an dann iwwert dee Wee agestallt ginn. D'Zesummenaarbecht tëschent der ADEM an den Interimsgesellschaften huet wuel punktuell gesi mat verschiddenen Interimsgesellschaften eppes bruecht, mä generell gesinn huet se net deen Erfolleg bruecht, dee mer eis alleguer deemools dovu versprach haten.

D'Teleaarbecht ass och nach net ënnert der Kontroll vun enger gesetzlecher Basis a mir waarden do nach ëmmer op d'Ëmsetze vun enger EU-Direktiv.

***(Interruption)***

Et ass eng an Ausaarbechtung, Här Minister. Da kënnt Dir eis dat herno erklären, well ech hunn nëmmen…

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här Gibéryen, Dir sot esou vill falsch Saachen. Ech muss 40 Minutte schwätzen.

***(Interruptions)***

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dir kritt herno Zäit fir hei ze äntwerten.

De parallellen Aarbechtsmaart, deen do entsteet, mécht eis vill Gedanken. En huet e ganz grousse finanziellen Impakt op de Stat an d'Gemengen, wou mer awer un de Resultater wäerten zweifelen, wat eng Konkurrenz ass fir d'Handwierk an de Bau. Mir wäerten eis als ADR och duerfir an deenen nächste Méint méi intensiv mat deem Problem befaassen.

Wat d'Failliten ugeet, do hate mer den 30. Januar hei am Parlament eng Interpellatioun, wou eng ganz Rei vu gudden Iddie vun eis presentéiert gi sinn, déi och generell als esou opgeholl gi sinn, mä vun der Regierungssäit ass awer nach keng Reaktioun komm fir do entgéint ze wierken. D'Regierung ass elo amgaange mat de Sozialpartner ze diskutéiere fir eventuell a Betriber, déi wirtschaftlech Problemer hunn, eng Aarbechtszäitverkierzung duerchzesetzen, déi de Stat da géif iwwer finanziell Ënnerstëtzunge begleeden. Mir sinn deem géigeniwwer ganz skeptesch, well mer generell géint eng gesetzlech Reglementéierung vun enger 35- oder 36-Stonnewoch sinn. Dat hei kënnt awer esou enger ähnlecher gesetzlecher Bestëmmung gläich, well de Stat se souguer nach finanziell ënnerstëtzt, subventionéiert. Hei muss een oppasse wat ee mécht.

Mir sinn der Meenung, datt een hei vill Abüe maache kann. D'Froen, déi sech stellen iwwert d'Finanzéierung vun esou enger Situatioun: Fir wat fir eng Betriber kënnt dat a Fro? Fir wat fir eng Persounen? A wéi laang kann esou eng Moossnam gräifen? Prinzipiell si mer der Meenung, datt dat doten eng Moossnam ass, déi net de Chômage bekämpft, mä déi éischter de Chômage finanzéiert.

Allgemeng gesot, Här President, si mer der Meenung, datt d'Regierung vill ze vill laang gewaart huet ier se ugefaangen huet ze reagéieren an der Chômagentwécklung einfach entgéint gekuckt gëtt. Mir hunn eng Situatioun hei am Land, wou mer nach ëmmer menge mir kriten alles mat Geld geléist. Dat ass awer an der Realitéit net méi esou de Fall. Dës Regierung verwalt éischter de Chômage. Si investéiert an de Chômage an net an d'Aarbecht.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger freet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, am Numm vun eiser Fraktioun muss ech lech soen, dass déi perséinlech Remarken, déi den Här Gibéryen iwwert de Wirtschaftsminister Henri Grethen gemaach huet, de très mauvais goût sinn.

An der politescher Ausernanersetzung si mer der Meenung, dass ee soll de Ball huelen an net de Mann. Duerfir appréciéiere mir och dat wat Dir, Här President, gesot, à l'adresse vum Här Gibéryen, hutt. Dat wat mer besonnesch verwerflech fannen, dat ass dass hien et nach net emol zréckgezunn huet wat hie gesot huet.

***(Interruption)***

Neen, hien huet et net zréckgezunn.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

M. Nico Loes *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Situatioun um Aarbechtsmaart, bedéngt duerch verschidden interaktiv Elementer, wéi zum Beispill de wirtschaftleche Réckgang um internationalen Niveau, d'Irakkris respektiv den Irakkrich oder déi international Restrukturéierung am Finanzsecteur, ass alles aneschter wéi glänzend.

De Chômage ass an deene leschte Wochen a Méint beträchtlech erop gaangen an huet d'Grenz vun 3% iwwerschratt. Enn Januar louch e bäi 3,8%. D'Offer un neien Aarbechtsplazen ass no der ADEM och réckgängeg. Et ass domadder ze rechnen, datt d'Zuel vun de Chômeuren an deenen nächste Wochen a Méint nach wäert erop goen, souguer wann dee wirtschaftlechen Opschwonk antriede wäert. Den Aarbechtsmaart passt sech der wirtschaftlecher Lag eréischt nodréiglech un.

Fir déi betraffe Leit ass d'Situatioun um Aarbechtsmaart dramatesch. Mënschlech Schicksaler stinn hannert den Zuelen an de Statistike vun der ADEM oder vum Statec, mä et bréngt weder dëse Leit am Speziellen nach dem Aarbechtsmaart am Allgemengen eppes, wann dem Fatalismus Plaz gemaach gëtt a versicht gëtt d'Situatioun um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart dramatesch ze interpretéieren. Geziilt Moossnamen och am Kollektivvertragswiese si gefuerdert a keng demagogesch Kläng, déi keen anert Objektiv hu wéi d'Ängschte vun de Leit eropzebeschwieren. Dobäi kënnt, datt eng dramatesch Interpretatioun net der Realitéit Rechnung dréit.

De Chômage bleift e strukturell bedingte Chômage, esou wéi mir e schonns virun enger Rei vu Jore kannt hunn. De Chômage ass net nëmmen eng Fro vu wirtschaftlechem Opschwonk an hänkt net nëmmen dovunner of, ob genuch Aarbechtsplaze geschafe ginn oder net. Et ass gréisstendeels eng Fro vun der Qualifikatioun, och wa mir haut méi Leit am Chômage ëremfanne wéi fréier mat enger mëttler oder héijer Qualifikatioun.

Parallell zu der Erhéijung vun der Aarbechtslosegkeet am Allgemenge besteet a verschidde Secteuren en akute Mangel u Personal, wéi zum Beispill am Gesondheetswiesen. Et feelen hei Infirmièren, Aides soignantes, Dokteren an esou weider. Den Horesca-Secteur ass e weidere Secteur, wou qualifizéiert Personal feelt.

Moossnamen, déi an der Vergaangenheet getraff gi sinn, wéi d'Reform vun der ADEM oder d'99er PAN-Gesetz, spillen eng ganz wichteg Roll an der Bekämpfung vum Chômage. Dës Moossname beweisen ausserdeem, datt de Problem vum Chômage ni vergiess an och vun dëser Regierung net op déi liicht Schëller geholl ginn ass. Déi successive Reforme vun der ADEM, déi op eng individualiséiert Prise en charge vum Chômeur setzen, a virun allem d'PAN-Gesetz mat senge diverse Beschäftegungsmoossnamen, wéi zum Beispill dem Stage de réinsertion oder verschidden informell Formatiounen, erlaben et dem Chômeur sech déi Qualifikatioun unzeleeën, déi och um Aarbechtsmaart gefrot ass.

Dës Moossnamen hunn an der Vergaangenheet den Aarbechtsmaart positiv beaflosst. Ech erënneren drun, datt Uganks vun den 90er Joren de Chômage trotz enger Beschäftegungsentwécklung vun 3 bis 4% am Joer awer relativ héich louch. Hien huet eréischt an der zweeter Halschent vum leschte Jorzéngt ofgeholl, no der Reform vun der ADEM an no der Ëmsetzung vum PAN-Gesetz.

Dëst Gesetz a seng Beschäftegungsmoossnamen hu méi wéi jee hir Daseinsberechtegung. Ech denken, datt och do dës Strukturen nach méi effizient mussen agesat ginn. De Minister Biltgen huet sech an de leschte Wochen a Méint mat de Sozialpartner getraff an iwwert d'Revisioun, eng eventuell Upassung oder eng Verbesserung vum PAN-Gesetz geschwat. Den Avantprojet vun der Revisioun gëtt Enn Abrëll an der PAN-Kommissioun virgestallt. Ech si sécher, datt déi Virschléi, déi gemaach wäerte ginn, gutt sinn an eis et erlabe wäerten dës nei schwiereg Zäit ouni en ze vill grousse Schued ze iwwerbrécken.

Nach e Wuert zu der Situatioun um Finanzsecteur. D'Stagnatioun am Finanzsecteur mat réckleefegen Tendenzen, wat d'Beschäftegung ugeet, gëtt ze bedenken. Déi massiv Entloossungen, déi vun e puer Banke fir dëst Joer ugekënnegt goufen, sinn nach net agetrueden, am Géigendeel zu deem wat an eisen Nopeschlänner virun allem an Däitschland de Fall ass. Et ass ze hoffen, datt den Abroch, dee sech momentan op der Finanzplaz deet, a Grenze gehale ka ginn.

Ech wéilt just bemierken, datt d'Äntwert op dës Stagnatioun net eng massiv Entloossung ka sinn. Verschidde Wirtschaftsexpäre warnen ausserdeem virun engem massive Personalofbau a baséiere sech op d'Beispill vun den USA, wou dee sougenannten Downsizing net déi gewënscht Effekter huet. Dat wat d'Betriber u Personalkäschte spueren, wa se Leit mat niddregen oder mëttlere Qualifikatiounen entloossen, gëtt erëm verluer bei der Ausbildung vun neiem Personal a Management. Verschidde Banken hunn dat och erkannt a setze verstäerkt op d'Formatioun vun hirem Personal.

Et ass an dësem Kontext ze hoffen, datt d'Banken am Allgemenge wäitsiichteg an net kuerzsiichteg denken. Et geet schlussendlech och ëm hiert Iwwerliewen. Ech ginn elo net op all déi Chifferen an, vu datt meng Zäit och bal eriwwer ass, déi den Här Gibéryen virdru genannt huet, an an de Raum gesat huet. Ech denken, datt den Här Minister dorop ageet.

D'Situatioun um Aarbechtsmaart beweist datt jidderee gefuerdert ass, d'Politik, mä och d'Patronen an d'Salariéen, déi bereet si musse sech ëmmer erëm weider a Fro ze stelle wat hir Formatioun an och d'Forderunge vun dem Aarbechtsmaart an hirer Situatioun ubelaangt. Duerfir geet et net hei drëm fir Polemik ze maachen, mä et geet drëm, datt mer zesummen an eng Richtung ginn, fir dëse Chômage erëm an de Grëff ze kréien.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Lucien Lux agedroen. Den Här Lux huet d'Wuert.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir maachen de Moien hei en erschreckende Constat, an zwar dee vun engem Chômage, deen an deene leschten dräianenhalleft bis véier Joer ëm 42% an d'Luucht gaangen ass, der Tatsaach, dass déi offe Plazen op engem Rekorddéifstand sinn an och der Tatsaach am europäesche Raum, mat deem mer eis jo während Joren esou gäre verglach hunn, vun dem héchste relativen Ustieg vun der Aarbechtslosegkeet vun alle 15 Länner an der EU.

Mir erliewen och hei - an dat hu mer an der Kommissioun an deene leschte Woche kënnen diskutéieren - mat der ADEM e bëssen deeselwechte Pilotage à vue wéi mer e bei den öffentleche Finanzen d'lescht Joer am Hierscht an am spéiden Hierscht erlieft hunn, mat der akuter Gefor dass d'ADEM nëmme méi an der Lag ass ze enregistréieren awer net méi ze agéieren. Wann een an der Kommissioun héieren huet, dass haut e Placeur bis zu 450 Dossieren, also 450 betraffe Persoune soll betreien, wa mer héieren hunn, dass mer haut Waardezäiten hu vun annerhallwer Stonn bis een iwwerhaapt ka mat sengem Problem zougelooss ginn, wa mer déi schleefend Ëmsetzung, ënner anerem wat de Suivi personnalisé vun de Chômeuren ugeet, erlieft hunn, da kann ee sech déi Fro stellen.

Eis sinn an der LSAP déi international Aflëss vun der konjunktureller Entwécklung op d'Chômagesituatioun bewosst, awer keen heibannen, mengen ech, ënnerschätzt d'Tatsaach an d'Dimensioun vun enger eegestänneger nationaler Standort-, Wirtschafts-, Mëttelstands- oder Aarbechtsmaartpolitik. Et gëtt national Hausaufgaben ze maachen an déi goufen - dat ass eis Iwwerzeegung - an deene leschte véier Joer nëmmen ongenügend bis mangelhaft gemaach.

Als positivst Element gesi mer haut nach ëmmer d'Verbessere vum fiskalen Ëmfeld am Wirtschaftsraum, de Message Enn des Jores d'Investitiounsquot vun der öffentlecher Hand héich ze halen, un. An der Infrastrukturpolitik gesi mer awer zum Beispill vill Etüden am Bildungsberäich, Pierre angulaire vun all Qualifizéierungsoffensiv, déi mer bräichten, vill Ukënnegungen awer wéineg konkret Realisatiounen.

Besonnesch awer an zwee grousse Felder mécht sech d'LSAP-Fraktioun grouss Suergen. Dat éischt ass dat vun der Revisioun vum PAN-Gesetz, déi no véier Joer Erfahrung elo virun der Dier steet. Deen enkgezugenen Zäitraffer an deem dës Revisioun soll iwwert d'Bühn goen huet eis scho viru Woche skeptesch gemaach. Mir sinn amgaange bestätegt ze ginn, dës Revisioun schéngt mangels konkrete Virschléi säitens der Regierung zum Non-événement ze ginn. Haut gëtt elo gesot mir bräichten nach méi Erfahrungen an de Betriber wéi déi, déi mer an deene leschte véier Joer scho gemaach hunn. Der Berg gebar eine Maus, sinn Eenzelner schonn amgaangen ze mengen.

Doniewent schéngt et jo esou ze sinn, dass d'Méfiance règne, wann een déi geharnescht Reaktioune vun de Sozialpartner op d'Virpresche vum Statsminister an der Fro vun der Aarbechtszäitverkierzung an dem Virschlag, deen hien do eraus posaunt huet, deutet. Mir wëssen, dass et hei dem Statsminister, dee jo bekannt ass als grousse Politiktaktiker, virun allem drëm geet, fir all déi Fuerderungen, déi sech zu Aarbechtszäitverkierzung stellen, ze ënnerlafen an ze ënnerhillegen. Net onbedéngt inhaltlech, mä méi taktesch.

Mir kenne keen Text zu deem Virschlag, deen do gemaach ginn ass. Dat ass richteg. Bedenklech ass et awer wann d'Press hei éischter gefiddert gëtt wéi d'Chamber, där Texter an och Informatioune virenthale ginn.

De Virschlag dee gemaach gëtt, Aarbechtszäitverkierzung bei eventuellen Entloossunge finanziell vun der öffentlecher Hand ze ënnerstëtzen, ass wäit ewech vun deene Fuerderungen, déi vun de Gewerkschaften am Rahme vun den Tripartite-Diskussioune gemaach ginn: Kadergesetz, 35-Stonnewoch, Proposition de loi Krecké-Lux zu der Aarbechtszäitverkierzung oder och vum Kolleeg Fränz Bausch, oder d'Verallgemengerung, wéi se vun de Gewerkschafte verlaangt gëtt, vun enger sechster Urlaubswoch. Si stellt keen Antrëtt an d'Aarbechtszäitverkierzung am legale Kader duer, well schonn am Artikel 43, dee mer haut hunn, d'Méiglechkeet vun Aarbechtszäitverkierzung verbonne mat Aidë schonn ass - leider een Artikel dee bis haut Lettre morte bliwwen ass -, ass awer grondsätzlech, an dat ass vun engem Gewerkschaftsvertrieder och kloer gesot ginn, haut schonn iwwer Kollektivvertrag méiglech an ass also an eisen Aen e ganz klénge Schrëtt, éischter en defensiven, anere géife soen e Gadget, mä wäert wuel, an dat kann een haut scho behaapten, e Mort né bleiwe wéi den Artikel 43 opgrond vun engem kloeren „Njet" vum Patronat.

Eng zweet Remarque zu engem anere grondsätzlechen Dossier, deem vun der Wirtschaftspolitik. Ech hunn d'leschte Kéier de Wirtschaftsminister an Zesummenhang mat der Diskussioun iwwert de Mindestloun hei a Schutz geholl, muss allerdéngs de moie regrettéieren, Här Rippinger, dass déi zweete Kéier wou mer a kuerzer Zäit hei iwwert d'Problemer vum Chômage a vum Emploi schwätzen, leider de Wirtschaftsminister, dee vläicht seng Grënn huet, de moien hei net derbäi ass fir déi Debatt ze verfollegen an och eventuell kënnen dran anzegräifen.

Déi Suergen, déi mer eis do maachen, dépasséieren all Parteikongress, a mir wäerte spéitstens beim Etat de la Nation nach eng Kéier verstäerkt bilanzéieren. Mir sti mat eise Kriticken net eleng. Wann d'Chambre des Métiers déi total Absence vun enger Politik vun Ofbau vun der Bürokratie am Wirtschaftsraum constatéiert, ass et dann erlaabt sech doriwwer Suergen ze maachen?

Wann den Här Grethen op der Wirtschaftsfoire a senger Ried selwer den Aveu mécht, dass e sech, ugesiichts enger gudder Aarbechtsmaartsituatioun, éischter ëm d'Capacité endogène, also déi intern Kapassitéite gekëmmert huet, ass et dann erlaabt ze froen, ob dat richteg war oder net vläicht e politesche Feeler?

Wann d'FEDIL an engem Editorial seet, dass Lëtzebuerg opgehalen huet e Land ze si wou et kuerz onbürokratesch Entscheedungen am Wirtschaftsraum gëtt, ass et dann erlaabt nach eng Kéier no ze froen, ob dat gutt ass?

Wann d'Chambre des Métiers schlussendlech feststellt, dass bei der Ëmsetzung vum Plan d'action vum Joer 1999 de gréissten Deel vun de Moossnamen haut nach ëmmer Makulatur bliwwen ass, ass et dann erlaabt fir Skepsis hei ze äusseren?

A wann een dann héiert, dass den Här Grethen op all déi Kriticken do seet, mir géifen als LSAP eis Trickkëscht benotzen, da muss ech allerdéngs soen, ausser dass dat keng déifgrënneg Äntwert ass op déi berechtegt Froen do, ee sech allerdéngs muss froen, wann een de Bilan vun der Diversifizéierungspolitik vum Joer 2002 kuckt, esou wéi e vum Wirtschaftsminister virun enger Woch virgeluecht ginn ass, wien dann d'Trickkëscht hei benotzt.

Ech hunn dee Bilan analyséiert a stelle fest, dass dat awer dann Trickkëscht au carré ass, wann ee feststellt dass dee gréisste Projet, dee gréissten esouwuel am Volume vun Invest wéi Erschafung vun Aarbechtsplazen, deen an deem Bilan steet, d'Mëttelstrooss vun ARBED-Belval ass. D'Mëttelstrooss vun ARBED-Belval als e Resultat vum Bilan vun der Wirtschaftspolitik vum Wirtschaftsminister Grethen dohinner ze stelle wat eng Décisioun ass, déi am Joer 1996 am Rahme vun der Tripartite an an der Décisioun vun der Optioun vum „tout électrique" geholl ginn ass, ass effektiv Trickkëscht au carré, souguer scho bal e staarkt Stéck. A wann ee gläichzäiteg gesäit dass hei 628 nei Aarbechtsplazen ugekënnegt ginn - mir hu se alleguer eenzel duerchgeholl - a vun deenen 628 der am Moment reell 109 Realitéit sinn, dat ass Trickkëscht, muss een dem Här Grethen soen, a weist dass nach laang net alles Gold ass wat glänzt.

Mir wëssen als LSAP déi international Turbulenzen am Zesummenhang mat der Chômageentwécklung, der Wirtschaftsentwécklung op eist Land richteg ze deiten. Mir wëssen awer och, well mer laang Verantwortung an deem Beräich haten, an ech mengen, dass et eng erfollegräich Verantwortung war, ëm déi national Efforten. Déi waren a ville Gebidder an deene leschte véier Joer mangelhaft.

Merci.

Des voix.- Trés bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, jo, et ass och bei eis zu Lëtzebuerg esou dass de Chômage klëmmt, an dat an engem Mooss dass d'Politik gefuerdert ass an deem muss entgéint steieren. Nach ëmmer gi bei eis déi meeschten oppe Plaze vu Frontaliere besat, well an eisem Land ëmmer méi Leit wunnen, déi net déi noutwendeg Qualifikatioun hunn, fir déi ugebuede Plazen ze besetzen. Dofir ass et besonnesch wichteg, datt mer an d'Weiderbildung an an d'geziilten Ëmschoulung investéieren. Hei gëllt et och d'Betriber an hire Beméiungen ze ënnerstëtzen.

Duerch déi Moossnamen, déi dës Regierung zum Beispill op fiskaleschem Plang geholl huet, bleift Lëtzebuerg attraktiv fir Betriber, déi sech wëlle bei eis nidderloossen. Dat beweisen déi ganz gutt Resultater, déi de Wirtschaftsminister Henri Grethen mat senger Diversifikatiounspolitik opzeweisen huet. Eng 30 nei Betriber hu sech säit dem Joer 2000 bei eis niddergelooss, a wat a mengen Ae genau esou wichteg ass, dat ass dass eng ganz Rei usässeg Firme konnten dervun iwwerzeegt gi fir och zu Lëtzebuerg ze bleiwen an net a Länner ofzewanderen, wou se fir si méi en ekonomescht favorabelt Ëmwelt virfonnt hätten. Loosse mer ons näischt virmaachen, d'Succursalë vu multinationale Firme bleiwen net wéinst eise schéine Gesiichter hei zu Lëtzebuerg. Wa si bei ons zu Lëtzebuerg keng Bënefisser méi maachen, da verloosse si onst Land.

Mir als Demokratesch Partei, Här President, mer verstinn och alleguerten déi, déi vun Aarbechtdeele schwätzen. Jidderee muss d'Chance hunn eng Aarbechtsplaz ze fannen a se ze behalen. D'Recht op Aarbecht ass fir mech e Mënscherecht. Dës Iddi musse mer awer och weiderdenken an ons Froe stellen, wat geschitt wa mer manner Stonne schaffen, méi Congésdeeg afuerderen, an dat alles zum gläichen a wa méiglech nach zu engem bessere méi héije Loun.

Ech hunn et scho gesot, et sinn d'Betriber déi d'Plazen ubidden. Si sinn et, déi de Kuch baken, deen d'Politik dann duerno grousszügeg verdeelt. Wa mer awer de Betriber d'Waasser ofgruewen, da gëtt kee Kuch méi gebaak, héchstens nach kleng Bréidercher, an da gëtt et och net méi vill fir d'Politik ze verdeelen.

Zënter dass dës Regierung besteet, ass ouni Zweifel et nach méi attraktiv gi fir zu Lëtzebuerg a vu Lëtzebuerg aus Business ze bedreiwen. Et goufe Mesurë geholl, esouwuel op fiskaleschem wéi och op finanziellem Plang, fir d'Betriber ze encouragéieren hir Aktivéiten auszebauen. Déi rezent Steierreform, ech hu schonn dervu geschwat, huet wesentlech derzou bäigedroen, ons Betriber fit ze maache fir méi kompetitiv ze sinn, mä och d'Ënnerstëtzungspolitik vum Stat duerch beispillsweis d'SNCI.

E Beweis fir d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg sinn och d'Resultater vun der Diversifikatiounspolitik, déi konsequent weidergedriwwe ginn ass, andeems stänneg Kontakter mat auslännesche Firmen uechtert d'Welt geknäppt gi sinn. Dorobber ass ganz vill Suerg verwennt ginn, fir dass och déi bestehend Entreprisen zu Lëtzebuerg bleiwen.

D'Recherche an den Développement hei zu Lëtzebuerg ginn encouragéiert wéi och den Esprit d'entreprise, wat an engem grousse Mooss derzou bäidréit, dass déi néideg Strukture kënne geschafe ginn an deenen d'Betriber och kënne grouss ginn.

Déi Diversifikatioun huet ons säit 1999 nei Aarbechtsplazen an iwwert 30 nei Betriber op Lëtzebuerg bruecht, déi hei vill investéiert hunn, Här Gibéryen. D'lescht Joer beispillsweis haten déi nei Projeten en Investitiounsvolume vu bal 242 Milliounen Euro. E Rekord ass dat. Et kann also kee behaapten, dass näischt an der Diversifikatioun gemaach gi wier. Och net, Här President, den Här Gibéryen. Entweder kennt en net ganz vill vun der Wirtschaft, oder e mengt et einfach schlecht, esou wéi mer dat vum ADR jo schonn zënter Jore gewinnt sinn.

***(Interruptions)***

Et läit op der Hand, dass dëst ee vun de Schlësselen ass fir géint de Chômage kënne virzegoen. Elo ass et awer och esou, dass vill vun deene Plazen, déi nei geschafe gi sinn, vu Leit aus dem noen Ausland, an ech hunn et scho gesot, vu Frontalieren also, besat gi sinn.

Et ka kee mer soen, dass Frontalieren zum Beispill agestallt ginn, well se méi bëlleg wären, well si ginn an der Regel hei zu Lëtzebuerg och no de Lëtzebuerger Salairesstrukture bezuelt. Ech mengen éischter, datt vill vun hinnen eng Qualifikatioun hunn, mat deene si schonns a Compétitioun mat de Lëtzebuerger kënnen trieden; ausser vläicht um sproochleche Plang.

Wa mir et fäerdeg bréngen den Demandeurs d'emploi, déi hei am Land liewen, déi néideg Formatioun ze ginn oder hinnen eng Ëmschoulung ze erméiglechen, fir hir Chancë méi grouss ze maachen, fir datt se an den Aarbechtsmaart kënnen erakommen, wäerte mer do e grousse Schrëtt weider kommen.

Natierlech mussen déi Coursen am Aklang mat de Besoinë vun den Entreprisen ausgebaut ginn an ech begréissen déi Initiativen, déi am Ableck schonns an deem Sënn lafen.

Här President, d'Zukunft vun eisem Land läit an der Zukunft vun eise Betriber, de Groussen-, mä virun allem och de Klengen- a Mëttelbetriber. Si si bei eis de Garant vun Dausenden an Dausende vun Aarbechtsplazen; déi däerfe mer net liichtfankeg op d'Spill setzen.

Mir als Demokratesch Partei, wäerte mat eiser ganzer Kraaft an Energie fir eng gesond Wirtschaft plädéieren an eis dofir asetzen, fir datt et sech och an der Zukunft nach lount zu Lëtzebuerg e Geschäft opzemaachen oder eng Firma oder e Betrib ze grënnen.

Dat ass de richtege Wee. Wa mer all zesummen dëse Wee ginn, da brauch et eis net baang ze sinn, dass an der Zukunft fir all Leit, déi sech zu Lëtzebuerg niddergelooss hunn an déi wëlle schaffe goen, och eng Aarbechtsplaz zur Verfügung wäert stoen. Nëmmen da kënne mer hinnen e Recht op Aarbecht garantéieren. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Chômage zu Lëtzebuerg, dee klëmmt, dat ass elo schonn e puermol gesot ginn, mä wat fir mech am meeschten alarmant ass, dat ass festzestelle wat fir eng Form vu Chômage zu Lëtzebuerg klëmmt. Mir hunn an deene leschte Joren, ech géing soe vun 1995 bis 2002, ëmmer eng Situatioun zu Lëtzebuerg gehat mat engem Chômage dee sech tëschent 2 an 3,5% beweegt huet. Mä eis grouss Chance war ëmmer déi, dass mer eigentlech hei zu Lëtzebuerg virun allem e strukturelle Chômage, a kee konjonkturelle Chômage kannt hunn.

Ech erkläre mech. E strukturelle Chômage, wat heescht dat? Dat heescht, dat ass e Chômage, deen op gewësse Schwächten an eiser ekonomescher Struktur zréckzeféieren ass, virun allem awer op Schwächte beim Faktor Aarbecht an eiser Ekonomie. Dat bedéngt haaptsächlech datt mer eng Situatioun kréien, datt hei zu Lëtzebuerg, géif ech gäre soen, de Gros vun deene Chômeuren, déi mer an deene Joren haten, der waren, déi duerch verschiddenaarteg Ëmstänn sougenannte schwéierplazéierbar Chômeure waren, an dat bedeit awer och datt mer an därselwechter Period, vun 1995 bis 2001-2002 kann ee soen, kaum Leit haten déi, wa se eng gutt Qualifikatioun haten, eng Plaz net relativ séier konnte fannen.

Konjonkturelle Chômage, deen entsteet, wéi d'Wuert et seet, wann d'Konjunktur méi schlecht dréit, wann de Wuesstum méi lues dréit, wann de Wuesstum no ënne weist. A wat besonnesch hei zu Lëtzebuerg bei de Chômagezuelen an deene leschte Méint opfält, dat ass datt duerch de Fait, datt mer ëmmer méi e konjunkturelle Chômage kréien, bedéngt natierlech zu engem groussen Deel och duerch déi international schlecht Konjunktur an där mer eis befannen, den akademesche Chômage dramatesch ufänkt hei zu Lëtzebuerg ze klammen.

An ech wëll dem Här Bettendorf och soen, datt e mat dem Schluss vu senger Analys komplett derniewent läit, wann e mengt datt dat an iergendengem Sënn eppes mat Frontalieren oder Net-Frontalieren oder schlecht ausgebilte Leit ze dinn hätt. Dat doten huet ausschliesslech mat der Situatioun ze dinn, datt et effektiv a verschiddene Secteuren zu engem groussen Abroch kënnt, datt a verschiddene Secteuren, zum Beispill der Déngschtleeschtung am Bankesecteur, an deene leschte Méint, an deem leschte Joer, géif ech soen, e massiven Astellungsstop entstanen ass an datt et elo am Enn souguer éischter d'Tendenz huet net nëmmen en Astellungsstop ze kréien, mä datt souguer carrément Dausenden Aarbechtsplaze wäerten ofgebaut ginn, virun allem am Bankesecteur.

Dat heescht mir hunn eng Situatioun, déi doduerjer besonnesch alarmant gëtt, well se natierlech elo - an dat ënnerscheet d'Situatioun wesentlech vun de 90er Joren -, besonnesch haart ufänkt déi Leit ze treffen, déi och hei zu Lëtzebuerg wunnen a schaffen, an och déi déi hei zu Lëtzebuerg d'Wahlrecht hunn; dat muss een och emol eng Kéier sou däitlech soen.

An deene leschte Joren ass dat eis an deem Mooss och net sou opgefall, well et hei entweder Leit waren déi, well se d'Wahlrecht net haten, keng politesch Rechter haten, manner zum Virschäi komm sinn oder souguer Frontaliere waren, an doduerjer, wa se an de Chômage komm sinn, an hir Länner zréck gaange sinn.

Mir hunn also duerch dee konjunkturelle Réckgang, deen natierlech en internationale Phenomeen ass, deen net d'Schold ass vun dëser Regierung, e Réckgang vun eisem Wuesstum, deen natierlech och international Ursaachen huet, mä - an dat muss een awer betounen - deen zu Lëtzebuerg an engem Ausmooss zréckgaangen ass wéi a kengem anere Land vun der Europäescher Unioun. Lëtzebuerg huet et fäerdeg bruecht bannent zwee Joer vum Beschten aus der Klass zum Leschten aus der Klass ze ginn, an dat ass e Fait, an dat ass och ee vun de wesentleche Grënn, firwat datt de Chômage, virun allem dee geféierleche konjunkturelle Chômage, ufänkt ze klammen.

Mir si vum Joer 2000 vun engem Wuesstum vun 8,9% vum PIB an d'Joer 2002, dat heescht bannent zwee Joer, op 0,5% gefall, dat heescht mir haten e Réckgang vun 8,4% vun eisem Wuesstum vum PIB bannent zwee Joer. An och wann ee weess, dass natierlech 8,9% en absolut exzeptionellt Joer ass, da muss ee sech awer d'Froe stellen, wéi et dozou konnt kommen, datt zu Lëtzebuerg bannent sou kuerzer Zäit sou en dramateschen Abroch komm ass. Et geet menger Meenung no net eleng duer, datt een dat mat der Dominanz vum Finanzsecteur erkläert, mat deem Monolithismus dee mer do hunn a mat deem deementspriechenden Abroch vun der Konjunkturlag an deem Secteur, an deementspriechend och natierlech dem Impakt op d'Lëtzebuerger Ekonomie.

An elo schonn 2003, dat muss ee soen, kann ee sech kaum virstellen, datt de Wuesstum vum PIB iwwer 1% wäert erausgoen. Sou wéi et de Moment ausgesäit, a wann den Irakkrich, an deem mer eis de Moment befannen, nach eng länger Zäit unhält, an alles deit dorobber hin, da gëtt de Risiko - an dat muss ee mat aller Däitlechkeet hei betounen - vun enger Rezessioun an der Europäescher Unioun ganz reell.

Wann een an enger konjunktureller Kris ass, a mir befannen eis no an no an esou enger, da gëtt et e puer Méiglechkeeten, fir där entgéint ze wierken.

Dat éischt ass: Et kann ee versichen de Konsum ze steigeren, dat heescht d'Demande intérieure ze steigeren. Ech wëll awer direkt dobäi soen, datt dat bei engem Land wéi Lëtzebuerg, mat sou engem klenge Marché intérieur, kaum e Sënn mécht, an et ass och dat de Grond firwat datt déi Gréng bei der Steierreform 2000 dat iwwerdriwwent Erofsetze vum Spëtzesteiersaz, zum Beispill op 38% - Recordniveau entre-temps an Europa - extrem contestéiert huet, well mer gesot hunn, dat bréngt eiser Konjunktur relativ wéineg, par contre hëlt et dem Stat wierklech massiv Steiergelder ewech, déi mer herno brauche wann et méi enk gëtt.

Eng zweet Mesure déi ee kann huelen, dat ass datt een e staatlechen Investitiounsprogramm décidéiert, dat heescht héich Investitioune vum Stat - nach méi héijer wéi a gudden Zäiten - décidéiert, fir deementspriechend de Betriber Opträg ze ginn a se um Lafen ze halen. Dat bedeit awer allerdéngs, datt d'Finanze vum Stat extrem gutt a gesond musse sinn, an och do stelle mer fest datt duerch déi oniwwerluechte Steierreform vun 2000 just de Contraire agetratt ass an datt mer elo ufänken héich Investissementer an der Zäit ze strecken, wat net nëmmen eng Konsequenz huet fir d'Projeten an och fir d'Gesamtekonomie op deem Niveau, mä wat och natierlech eng Konsequenz huet fir Kleng- a Mëttelbetriber hei am Land, a virun allem am Bauberäich wäert dat sech auswierken, well doduerjer an Zukunft manner Moyenen do sinn an déi Projete bis an d'Zäit solle gestreckt ginn.

Eng drëtt Méiglechkeet, dat ass datt een iwwert de Steiersystem verschidde Mesuren trëfft. A mir sinn der Iwwerzeegung, datt déi Steierreform 2000 eben net am Hannergrond vun enger Krisesituatioun gemaach ginn ass, mä am Hannergrond vun Iwwerfloss, an deementspriechend haaptsächlech vill verdeelt ginn ass a keng geziilte Strategie war, fir d'Ekonomie ze stäipen, an datt een, wann een do net de ganze Spillraum verballert hätt, elo d'Chance hätt, fir eng ganz geziilte Steierreform ze maachen, déi virun allem méi spezifesch deene Secteure zegutt kéim, déi mer zu Lëtzebuerg och hunn, respektiv déi mer wëllen an Zukunft unzéien.

E véierte Punkt, dat wär eng Diversifizéierungsstrategie vun eiser Ekonomie, déi den Numm verdéngt. Et gëtt zwar vill dovu geschwat, mä eng richteg Strategie ass eiser Meenung no net ze erkennen.

Déi Gréng sinn der Iwwerzeegung, Här President, datt vun 1995 bis 2000 d'Wueestumseuphorie, an där dëst Land sech befonnt huet, gemaach huet, datt mer eis net méi konnte virstellen oder zumindest déi Parteien, déi an der Majoritéit sinn an an der Regierung, sech net méi konnte virstellen, datt mer eng Kéier an d'Situatioun géinge kommen, datt mer e konjunkturelle Chômage zu Lëtzebuerg kënnte kréien. En ass vill méi séier agetraff, wéi een dat hätt kënnte mengen.

Mir hunn dës Joren, eis gutt finanziell Ausgangsbasis zum Deel awer verspillt fir kënnen ze reagéieren, a wann déi international Kris an där mer eis befannen nach länger unhält, da geet et mat Sécherheet an deenen nächste Jore mat klengem Gepléischters oder verschidde sporadesch Mesuren oder och souguer engem Package vu Mesuren, déi awer éischter e Plooschtercharakter hunn, wéi déi zum Beispill déi och am Kader vum PAN-Gesetz virun e puer Joer décidéiert gi sinn, sécherlech net méi duer, da muss ee ganz aner Weeër goen, ganz aner Strategien entwerfen an eng nohalteg a kohärent Strategie entwerfen, fir aus deem konjunkturelle Chômage do eraus ze kommen, fir deen ze behiewen.

Här President, déi Gréng sinn der Iwwerzeegung, dass dës Schéiwiederregierung vun der CSV an der DP, déi 1999 bei blendendem Sonneschäin ugetrueden ass, mat volle Statskeesen d'Geschäfter iwwerholl huet, zolidd iwwerrascht ginn ass vun där heite Situatioun an eigentlech vill ze vill laang gebraucht huet ier se sech aus där Schéiwiederstrategie, an där se sech befonnt huet, befreit kritt huet. Mir denken, dass dës Regierung net à même wäert si bis 2004 eng gëeegent Strategie zur Bekämpfung vun där doter Situatioun un den Dag ze leeën. Duerfir hoffe mer, datt et fäerdeg bruecht gëtt 2004 ebe genau dës Regierung ofzewielen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als leschte Riedner huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen d'Wuert.

## 4. Dépôt d'un projet de loi

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll emol fir d'éischt dovunner profitéieren, dass ech op der Bühn stinn, fir e Projet de loi ze déposéieren, dee bei de Chambres professionelles bei den Institutions de sécurité sociale dat passiivt Wahlrecht op 18 Joer erofsetzt.

*- Projet de loi 5114 portant modification*

*a) de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective;*

*b) de la loi modifiée du 18 mai 1979 portant réforme des délégations du personnel;*

*c) de la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes;*

*d) du code des assurances sociales.*

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vun dem Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Minister François Biltgen. De Projet gëtt weidergeleet un de Conseil d'Etat an un déi zoustänneg Kommissioun.

## 5. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR au sujet du développement alarmant du chômage au Luxembourg *(suite)*

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här President, ech si ganz frou dass mer hei an der Chamber iwwert de Chômage diskutéieren a mir wäerten och deemnächst iwwert d'PAN-Gesetz diskutéieren.

Ech wäert mech hei net hannert Zuele verschanzen, well och an der Zäit wou keen hei interesséiert war doriwwer ze schwätzen, wéi mer 2,7% Chômage haten, wat jiddferee vun den Observateuren als Chômage incompressible duergestallt huet - ech kommen nach eng Kéier dorop zréck -, och dunn hunn ech gesot, dass ech net déi 2,7% kucken, mä dass ech déi 5.000 Leit kucke géif vun deenen der ganz vill, net all, mä ganz vill wierklech eng Schaff sichen a keng fannen a se frou wären, wa se eng Schaff fanne géingen. Duerfir wäert ech och elo net nëmmen hei Zuelen nennen, fir lech ze soen datt mer nach wie vor d'Nummer 1 an Europa sinn.

Ëmsou méi maache mir déi 7.500 Leit, déi mer elo hunn, wa mer déi an de Mesurë mat dobäi huelen, Suergen. Mir sinn alles amgaangen ze maachen, wéi virdrun, fir ze kucken esou vill wéi méiglech vun deene Leit op eng Schaff ze kréien. Ech wëll dann awer, well hei vill mat Zuelen operéiert gëtt, och mat Zuelen operéieren.

Wann Der haut d'Tageblatt liest, da fannt der Säite néng: „Luxemburg Klassenerster, Spanien Klassenletzter" iwwert d'Aarbechtslosegkeet an der EU. Mir hunn nach ëmmer déi niddregst Aarbechtslosegkeet. Richteg ass, dass mer am héchste gespronge sinn, mä, Här Lux, wie vun niddreg kënnt, wie vun déif kënnt, dee spréngt héich. Wa mäi Kolleeg, den Här Schaack, lech zu Recht seet, dass mer am eGovernment an dëser Regierungsperiod de gréisste Virsprong gemaach hu vun alle Länner, da sot Dir: „Jo, mä Dir sidd nach ëmmer déi Lescht an Europa." Da wann ech glift, Här Lux, da gesidd och, dass mer hei nach ëmmer déi Éischt an Europa sinn, an dass een awer elo net a Panik sollt verfalen.

De Fait ass, dass och nach haut zu Lëtzebuerg Aarbechtsplaze geschafe ginn, net méi an deemselwechte Mooss wéi an de Boomjoren, mä nach haut ginn Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg geschafen. An dann, Dir Dammen an Dir Hären, wann Aarbechtsplaze geschafe ginn zu Lëtzebuerg, da muss ee jo awer och drun denke wuerfir Aarbechtsplaze geschafe ginn. Et ginn Aarbechtsplaze geschafen, well eis Lëtzebuerger sukzessiv Regierungen eng gutt Standuertpolitik gemaach hu mat der Steierpolitik a mat der Sozialaaschtepolitik. Duerfir hu mer vill Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg.

Mir hu souguer, well mer esou eng favorabel Steier- a Soziallaaschtepolitk hunn, zum Deel fiktiv Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg, géint déi mer elo virgoe wëllen, esou wäit dat europäescht Recht eis dat erlaabt, an dat wäert och an der nächster Tripartite zur Sprooch kommen.

Dës Regierung huet grad wéi hir Virgängerregierung eng Politik gemaach, fir dass Aarbechtsplazen hei am Land geschafe ginn. Och an Zukunft ginn Aarbechtsplazen hei geschaf. Och wa verschidde Secteuren da verschwannen, esou entstinn Aarbechtsplazen an aneren. Et entstinn zum Beispill nach wie vor Aarbechtsplazen am Horesca-Secteur. Och am Handwierk gëtt et nach laang net onbedéngt en Ofbau, au contraire. Et besteet vläicht eng gewësse Stagnatioun. Et gëtt Ofbau bedriwwen op deene Plazen, wou an deene leschte fënnef Joer vill Leit agestallt goufen, an dem Beräich vu Banken a Finanzen an am Beräich vun de Services aux entreprises, mä an allen anere Beräicher gëtt agestallt.

Da seet den Här Gibéryen, dass mir am Budget déck Aschneidungen hätte maache missen. Här Gibéryen, wa mer dat gemaach hätten, dann hätte mer de Konsum zu Lëtzebuerg a Fro gestallt, an de Konsum hëlleft zum Beispill dem Commerce, hëlleft der Horesca an hëlleft och nach anere Secteuren.

***(Brouhaha général)***

Dës Regierung huet eng Politik gemaach, fir dass mer net elo en Abroch kréie sollen. Intern hu mer keen Abroch. Och dat muss ee kucken! Et ginn nach Aarbechtsplaze geschaf, mä op verschiddene Punkten hu mer Problemer.

Da gëtt ëmmer den Här Grethen wéinst der Diversifizéierungspolitik hei attackéiert. Ech wëll just virliesen, well och den Här Lux vill zitéiert huet, wat d'FEDIL am Oktober 2002 geschriwwen huet: «Les efforts du Ministère de l'Economie pour le développement et la diversification de notre site industriel ont été poursuivis sans relâche durant les années écoulées à une politique qui vise à attirer de nouvelles entreprises au Grand-Duché. C'est ajouter une action forte qui vise à promouvoir le développement endogène au Luxembourg.»

Datselwecht ass iwwregens och an der Mëttelstandspolitik geschitt. Den Här Boden ass elo leider net méi do, soss hätt hien lech awer déi Hällebootsch gesot wat geschitt ass. Nieft der Steierpolitik hu mer Hëllefen agefouert fir jonk Leit déi e Betrib grënne wëllen, an nach vill aner Saache méi. Mir hunn d'Gesetz vun der Concurrence déloyale reforméiert. Et ass net esou dass dës Regierung näischt gemaach hätt, au contraire.

Ech kommen awer gär op de Chômage zu Lëtzebuerg zréck. Wann een de Chômage analyséiert, da ginn et an der Wirtschaftstheorie dräi Zorte vu Chômage: de Chômage structurel, dat si Leit, déi aus deene verschiddenste Grënn Problemer hunn, do kënnen iwwregens och Universitairen drënner falen - ech kommen nach eng Kéier op déi zréck -, de Chômage conjoncturel, an da gëtt et de Chômage frictionnel. De Chômage frictionnel ass och dee Chômage, deen e groussen Deel vum Chômage incompressible ausmécht. Dat ass d'Zäit, déi ee braucht, wann ee keng Plaz huet, fir eng Plaz ze fannen.

Eng Etüd vun der Banque Centrale du Luxembourg vum Joer 2001 oder 2002, ech menge vun 2002, huet analyséiert, dass mer zu där Zäit - du ware mer awer nach an der héichkonjunktureller Zäit - zu Lëtzebuerg eigentlech emol net am Chômage structurel waren, mä am Chômage frictionnel. Nach haut muss ee soen, dass vun deene

7.500 Leit 60% innerhalb vu sechs Méint eng Schaff fannen. Et ass also vill Turn over. Et sinn der hannendrun, déi mer ganz vill Suerge maachen. Beim Chômage structurel soen ech eng Kategorie…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Et ass wéi ëmmer, Här President, et gëtt gesot et wier e grousse Problem do, mä da lauschtert keen no.

M. le Président.- Kolleeginnen a Kolleegen, sidd wann ech glift roueg a lauschtert dem Här Minister no. Dir stellt Froen a wann da geäntwert gëtt, da ginn Zwiegespréicher gefouert.

***(Interruption)***

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här Lux, Dir sidd net deen eenzegste vun deene 60.

Déi eng Kategorie, déi mer ganz vill Suerge mécht, an do si mer am Chômage structurel, ass d'Kategorie vun deenen Eeleren. Mir hu Gott sei Dank zu Lëtzebuerg refuséiert d'Aarbechtsrecht erof ze setzen. D'OECD sot ëmmer: „Schaaft de Kënnegungsschutz fir déi Eeler of, da kritt der Eelerer op d'Aarbechtsplazen." Ech soen nach haut Pustekuchen, dann hätte mer elo eng méi héich Zuel vun eelere Chômeuren. Et ginn éischter déi Jonk an der Regel entlooss an net déi Eeler. Dat fannt Der an de Statistiken erëm.

Mä vun deenen Eeleren, déi am Chômage sinn, fanne 40% keng Schaff no zwielef Méint, an do si mer am Chômage structurel. Déi Kategorie ass onwesentlech an d'Luucht gaangen. Déi war scho virdrun do an déi behale mer trotz alle Moossnamen, déi mer gemaach hunn, esou dass ech soen, dass net all Moossnamen eppes bréngen, wann net och e Mentalitéitswandel bei de Sozialpartner kënnt. Duerfir ass et och wichteg net nëmme Gesetzer ze maachen, mä et ass och wichteg Dialog ze féiere mat de Sozialpartner, fir an deene Betriber, wou keng Eelerer agestallt ginn, ze kucken, dass eeler Leit agestallt ginn.

Mir hu Steierbonifikatioune fir d'Betriber, mir bezuelen d'Sécurité sociale, trotzdeem mierken ech, dass net esou gären en Eeleren agestallt gëtt. Dat ass duerfir zum Beispill eng Kategorie, déi eis Suerge mécht.

Wat ass mam Chômage elo effektiv geschitt zënter Oktober 2001, wou de Chômage ugefaangen huet erëm ze klammen? Et ass nämlech net esou wéi hei gesot ginn ass, dass de Chômage nëmmen erof gaang wär zënter '99. En ass zënter der zweeter Halschent vun 99 erof gaangen. E war iwwregens och vill méi héich wéi 4% an der Vergaangenheet, mä du goufen et aner Séries statistiques, duerfir kann een eigentlech nëmme vun '98 u matenee vergläichen. De Chômage ass erof gaang bis 2001 an dunn ass en erëm an d'Luucht gaangen.

Wat ass geschitt? Déi Secteuren, déi massiv agestallt hunn, bauen och elo erëm massiv of. Et goufen an deene leschte fënnef Joer 60.000 Aarbechtsplaze geschaf, iwwert d'Halschent dovu bei der Intermédiation financière a bei de Services aux entreprises. Do gouf massiv agestallt, ze vill agestallt, well einfach anticipéiert gouf. Eng Bank wollt där anerer weismaachen dass se besser wär, an duerfir sinn och méi grouss Astellungspläng virgestallt ginn. Do geet et elo zréck an do kommen d'Leit dann natierlech elo an de Chômage, well an deem dote Secteur wéineg Plaze geschafe ginn. Wat de Problem ass, dat ass dass ganz vill vun deene Leit, déi do entlooss goufen, dorop waarde fir an dee Secteur erëm zréckzekommen.

A wa mer iwwert de paradoxale Chômage schwätzen, de paradoxale Chômage deen hei ass, deen hate mer nach ëmmer an deen hu mer och an Zukunft, dass mer eben hei Aarbechtsplaze schafen, déi mer net vun deene Leit, déi beim Aarbechtsamt ageschriwwe sinn, besat kréien, dann huet dat zwee Grënn. Deen éischte Grond ass doudsécher déi schoulesch Ausbildung. Den Här Bettendorf huet 100%eg Recht wann hien hei seet, dass mer musse schoulesch Ausbildung maachen an och Ëmschoulung. Dat zielt och, an net zulescht fir Leit, déi Universitéitsdiplomer hunn, well mer net méi bäi all deene Plazen, déi ofgebaut gi sinn, déi Leit ënnerdaach kréien.

Et gouf virun zwee Joer gejaut: Ëmmer méi green cards, Dir sidd vill ze vill restriktiv mat Ärer Permispolitik - dat hunn ech och hei héieren -, mir brauchen Informatiker. Mir hunn haut 350 Leit am Chômage, déi an der Informatiksbranche eng Plaz sichen an net onbedéngt do eng fannen. Also musse mer kucken op wat fir enge Plaze mer déi Leit kënnen ënnerdaach brëngen.

A wann ech déi Leit huelen, déi op der Bank hir Plaz verléieren, esou ginn et zwou Populatiounen. Déi éischt Populatioun si Jonker, déi manner wéi fënnef Joer geschafft hunn an déi eng Universitéitsausbildung hunn. Déi aner Populatioun, an dat ass eng, déi mer ganz vill Suerge mécht, si Leit, déi 20 Joer geschafft hunn a méi, déi d'Première oder manner wéi d'Première gemaach hunn, déi also keng Fachleit sinn op de Banken, mä déi awer e gutt Gehalt haten an déi elo schwiereg ënnerdaach kommen. Wat maache mir mat deenen?

Mir bleiwen net ontäteg. Soubal mer dat dote gemierkt hunn, ass mat der ADEM, ouni dass mer do grouss Pressekonferenze gemaach hunn, mat der Horesca gekuckt ginn, well déi Leit brauch, dass mer deene Leit ubidde fir sech ëmschoulen ze loosse fir den Accueil an den Hotellen. Do brauch ee Leit déi Sproochen kennen, Informatik, an do fanne mer der net genuch. Dat ass een Element, an ech kann der nach honnerten opzielen, wou mer d'Leit ëmschoulen a wou mer se fit a flott maache fir op déi Plazen, déi bestinn. Engersäits hu mer de Problem vun der Schoulung an anererséits dee vun der Ëmschoulung, well do wou d'Leit d'Aarbechtsplaz verléieren net onbedéngt agestallt gëtt.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Wann Der erlaabt, ech wëll lech just dorop hiweisen, dass wann der Samschdes am Lëtzebuerger Wort déi Säite kuckt, wou Aarbechtsplazen ausgeschriwwe sinn, da fannt Der entre-temps fir all Univeristärsdiplom kaum nach eng Plaz wou net minimum esouguer fënnef Joer Expérience professionnelle verlaangt gëtt. Dat heescht, ech sinn der fester Iwwerzeegung, wann et esou weider geet wéi et elo geet, da wäert de Chômage académique, egal wat ee studéiert huet, massiv ufänken an deenen nächste Méint ze klammen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- De Problem bleift, dass de Bankesecteur an enger Restrukturéierung ass, an do sinn Iddien iwwert déi ech awer elo keng Zäit hunn ze schwätzen, déi ech mat de Sozialpartner diskutéieren, wéi mer et fäerdeg bréngen dass all Betriber, net nëmmen déi gutt sinn, aner Alternative maache wéi Leit ze entloossen an hinnen déck Ofgangsentschädegungen ze ginn. Et gëtt Betriber, och am Bankesecteur, déi elo schonn, ouni dass mer dat gesetzlech favoriséieren, méi intelligent Moossname maachen, och mat de Gewerkschaften zesummen, mä et ass awer och ganz laang an de Käpp gewiescht, net nëmme vun de Betriber, mä och vun de Leit, an heiansdo och vu verschiddene Gewerkschaftler, eng gutt Ofgangsentschädegung. An dat ass e bëssen de Problem mat deem mir konfrontéiert sinn, dat heescht, wa mer gär de Chômage bremsen, musse mer och eppes fir de Maintien à l'emploi maachen. Dat sinn Iddien, mat deenen ech deemnächst dierft kommen.

Ech kommen nach eng Kéier op de Problem „paradoxal Entwécklung" zréck. Mir wäerten och an Zukunft eng paradoxal Entwécklung weider behalen, dass den Emploi wuesse kann an de Chômage och. Dat hate mer schonn. De Statec huet ermëttelt, dass fir den Automatismus Emploi-Chômage ze hunn, also Emploi an d'Luucht a Chômage erof, den Emploi scho muss ëm 4% steige fir dass de Chômage automatesch erofgeet, ëmsou méi an där Situatioun wou mer Chômage frictionnel a ganz vill Chômage structurel hunn, well och en Deel vum Chômage conjoncturel ass erëm eng Kéier structurel, well en aus verschiddene Beräicher kënnt.

Dat wëllt net soen, dass mer nëmmen auf Gedeih und Verderb dem Emploiwuesstum ausgeliwwert sinn, well mer nämlech iwwert déi Moossnamen, déi mer maache kënnen, eng ganz Partie Leit awer zréckbauen, an dat ass jo just dat wat geschitt ass an der zweeter Halschent vun den 90er Joren. Virdrun ass dauernd de Chômage, egal wéi e geklommen ass, och wann den Emploi héich geklommen ass, och geklommen. Eréischt an der zweeter Halschent vun den 90er Joren hu mer et fäerdeg bruecht duerch all déi Moossnamen, duerch den Ëmbau vun der ADEM, wéi den Här Loes et ganz richteg hei zréck rappeléiert huet, dass d'Leit eng Schaff kruten, déi soss keng Schaff kruten. An déi Moossnamen, déi mer am PAN hunn, déi hu vill Succès bruecht. 65% vun de Jonken, déi en CAT hunn, fannen duerno eng Schaff. 75%, déi an engem Stage d'insertion en entreprise sinn, fannen duerno eng Schaff. 90%, déi am Pool des assistants sinn, fannen duerno eng Schaff. All déi Moossname si wichteg an hunn eppes bruecht.

Och déi Flexisécuritéit, déi mer geschafen hunn, wou d'Sozialpartner elo eréischt ufänke méi domadder gewinnt ze sinn, fir dat ze maachen, och dat huet eppes bruecht. Déi Etüden déi mer gemaach hunn iwwert den Emploi zu Lëtzebuerg hu festgestallt, dass den Emploi an deene Betriber, déi e Kollektivvertrag hunn, an déi dee Kollektivvertrag nom PAN-Gesetz nei ofgeschloss hunn, dass déi wesentlech méi Emploie geschafen hu wéi déi aner Betriber.

Et kann een net eng Causalitéit festhalen, et kann een awer d'Corrélatioun festhalen. Dat huet jo och d'Sozialpartner dozou bruecht, dass se déi leschte Kéier gesot hunn, dass mer prinzipiell sollen déi PAN-Mesurë weider verlängeren, well net erwisen ass, dass se näischt bréngen. Mer hu jo och schonn dru geschafft, an natierlech schaffe mer och an Zukunft drun. Se ware sech all eens, dass dat déi richteg Richtung war, an dass och de Sozialdialog soll weidergoen. Déi aner Moossname wäert ech an aller Rou - et kann een net ëmmer alles virun d'Press bréngen - mat de Sozialpartner an der Tripartite an ausserhalb vun der Tripartite weider diskutéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, kuerz zwee Wierder nach iwwer zwou Saachen, déi hei gefall sinn, well soss hunn ech ze laang iwwerzunn.

Dat éischt ass den Télétravail. Beim Télétravail ass et esou, dass et do keng Direktiv gëtt, mä do gëtt et en Accord-cadre an Europa tëschent de Sozialpartner, deen net bannend ass. Do hunn d'Lëtzebuerger Sozialpartner gesot, si wëllten deen als Lëtzebuerger Accord ëmsetzen. Si sinn amgaang dat ze diskutéieren. Ech mengen, dass dat richteg ass. Wa mer gär méi Flexibilitéit hätten, da muss een de Sozialpartner méi Chancë loossen eppes ëmzesetzen. Dofir hu mer och am Kollektivvertragsgesetz eng Base légale geschafen, fir dass d'Sozialpartner kënnen net nëmmen europäeschen Dialog hei ëmsetzen, mä och Lëtzebuerger Dialog.

Ech wëll drun erënneren, dass d'Lëtzebuerger Sozialpartner och diskutéieren iwwer eng Deelzäitaarbechtreform, och iwwer individuellen Accès un d'Formation professionnelle, wou se deemnächst eis dierften en Accord virleeën. Och dat sinn déi richteg Weeër, dass mer iwwert deen dote Wee kucke weider ze goen, net nëmmen iwwer gesetzlech Bestëmmungen, mä och mat gesetzleche Bestëmmunge wéi mer et an der Vergaangenheet gemaach hunn. An deem Sënn mengen ech, dass mer op der richteger Bunn sinn. All Chômage ass all sechs Méint aneschters. An all sechs Méint kritt een nei Erkenntnisser, an dofir muss ee séier reagéieren a brauch ee flexibel Gesetzer, fir dass d'ADEM dat ka maachen, wat se och elo jo gemaach huet, nämlech flexibel Äntwerten, well rigid Gesetzer sinn dofir net gutt. Dofir plädéieren ech och dofir, dass mer déi PAN-Gesetzer esou weider loossen an dass mer och do der Regierung Handhab loossen, fir regelméisseg flexibel op d'Erausfuerderungen ze äntwerten.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Dëse Punkt ass ofgeschloss a mer kommen elo zur Aktualitéitsstonn iwwert den Enseignement musical.

## 6. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur la position luxembourgeoise dans les discussions européennes concernant la révision de la politique agricole commune *(suite)*

***Motion 1***

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, wollte mer net elo de Vote vun der Motioun an der Agrardiskussioun maachen?

M. le Président.- Jo, d'accord. D'Motioun ass ausgedeelt ginn.

Den Här Clement freet nach d'Wuert.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Här President, ech wollt just soen, datt déi Motioun verschidden Elementer beinhaltet, déi ee kënnt matdroen, mä et sinn der och dran, déi mir net kënne matdroen. Ech hat Récksprooch geholl mam Här Mehlen, dee se déposéiert huet. Den Här Mehlen ass awer net gewëllt dat esou ze änneren, an aus deem Grond musse mir dann d'Motioun oflehnen.

M. le Président.- Mer stëmmen iwwert d'Motioun 1 of, déi vum Här Mehlen abruecht ginn ass.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 33 Stëmme géint 24.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Georges Wohlfart), MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Ben Fayot), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Marco Schank), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Marcel Sauber), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Ady Jung), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Lucien Clement), MM. Patrick Santer (par M. Lucien Weiler), Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Paul-Henri Meyers);*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Jeannot Belling), Claude Meisch (par M. Emile Calmes), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco - Schroell, John Schummer (par M. Xavier Bettel) et Théo Stendebach.*

Mer komme elo zu der Aktualitéitsstonn iwwert den Enseignement musical. Et sinn agedroen: den Här Jung, d'Mme Durdu, d'Häre Gibéryen a Gira. D'Wuert huet den Här Jos Scheuer als Vertrieder vun der Sozialistescher Fraktioun.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

## 7. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP au sujet de la situation de l'enseignement musical dans les différents ordres du système scolaire, dans les conservatoires, dans les différentes écoles de musique ainsi que dans les associations culturelles

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech der Conférence des Présidents merci soe fir déi Gentillesse, datt eng Heure d'actualité iwwert de Museksunterrecht ka stattfannen.

Et ass natierlech héchst diskutabel, dass een eng Heure d'actualité iwwert de Museksunterrecht hält. Dat gëtt mir op jidde Fall keng Satisfaktioun, guer keng. Also d'Aktualitéit ass net esou, dass een elo misst heihinner kommen a soen: Et ass eng Krisesituatioun am Museksunterrecht.

D'Heure d'actualité entsprécht net der Problematik, déi sech am Museksunterrecht stellt. Besser wär en Débat d'orientation gewiescht. Deen Débat d'orientation wär garantéiert och ugeholl gi vun der Madame Minister an deen hätt kënne virbereet ginn an der Kulturkommissioun. Ech wëll formell direkt hei froen, fir déi Problematik vum Museksunterrecht zu Lëtzebuerg an d'Kulturkommissioun ze iwwerweisen, dat seriö virzebereeden an dann hei en âme et conscience emol den Inventaire ze maache wéi de Museksunterrecht zu Lëtzebuerg leeft a wouhinner mer komme wëllen.

Dir Dammen an Dir Hären, dat erlaabt mir nach nëmmen e puer Froen aus engem ganze Komplex opzewerfen an déi praktesch als Incentive mat eran an déi Diskussioun ze ginn. Déi éischt Fro riicht sech un d'Regierung, dat ass déi allerwichtegst Fro an et ass gläichzäiteg e Wonsch: Soll een net de Suivi vum Gesetz vum 28. Abrëll 1998 maachen? Et drängt sech op. Mir haten deemools scho gesot, datt dat Gesetz eng Affaire, eng Loi

à suivre wär. Dat sollte mer dann och esou maachen. Wat fir eng Positioun hëlt d'Madame Minister zu där Propositioun an?

Den zweete Froekomplex ergëtt sech natierlech aus der Komplexitéit vun deem Gesetz, dat mer deemools gestëmmt hunn. Duerch dat Gesetz ass de Museksunterrecht ënnert d'Kompetenz vun de Gemenge gesat ginn. Dat steet ganz kloer am Artikel 2 vum deem Gesetz. Gläichzäiteg ginn an deem Artikel 2 esou fundamental Restriktiounen agebaut, wat d'Autonomie communale ugeet, a gëtt d'Tutelle vum Stat, mengen ech, wéi a kengem aner Gesetz esou etabléiert, datt de Spillraum, deen d'Gemengen am Museksunterrecht hunn, ganz kleng ass. Et bleift am Fong haaptsächlech fir d'Gemengen nëmmen d'Finanzéierung vun deem Deel, deen net vum Stat a vun den Elèvë selwer finanzéiert gëtt.

Ech zielen Iech just d'Kompetenzen op vum Stat esou wéi se definéiert sinn. De Stat definéiert d'Pedagogik. De Stat definéiert souguer de kulturellen Impakt, wat ëmmer dat heescht. De Stat ass zoustänneg fir d'Administratioun ze regelen an de Stat determinéiert dann och nach d'Finanzen. D'Responsabilité financière steet och nach dran. Dat ass fir Iech ze weise wéi de Stat an d'Gemengen do harmonesch zesumme schaffe sollen.

D'Fro, déi sech dorauser ergëtt, ass natierlech déi hei: Sinn all d'Reglementer, déi am Gesetz virgesi waren - ech mengen et sinn der aacht - geholl? Wat bleift nach opstoen - mir sinn ëmmerhi gutt fënnef Joer iwwert d'Zäit eraus? A wéini kommen déi Reglementer?

Eng drëtt Fro: Ass d'Regierung bereet de Finanzement vun de Conservatoiren a vun de Museksschouten nei ze iwwerdenken? Konkret heescht dat: Bleift den Artikel 12 bestoen esou wéi e fir de Moment dra steet? Mir hunn deemools deen Artikel 12 gestëmmt, well mer frou waren dass iwwerhaapt eppes do war, well mer frou waren dass domadder op jidde Fall de Finanzéierungsmodus op eng Schinn geleet ginn ass.

Ech resüméieren emol deen Artikel 12, esou wéi en ewell besteet. Déi staatlech Bäihëllefe ginn an d'Luucht. De Stat gëtt een Drëttel vum Coût vun de Rémunératiounen un d'Gemengen zréck an de Stat adaptéiert déi Enveloppe budgétaire au prorata vun der Hausse vun der Masse salariale globale vum Stat. Dat ass schonn ee vun deenen éischten Tricken, déi de Stat agebaut huet. D'Enveloppe definéiert sech net au prorata vun der Masse salariale am Museksunterrecht selwer.

Et muss ee wëssen, datt d'Enseignanten an de Museksschoulen duerchwees jonk sinn, an dass d'Masse salariale méi schnell évoluéiert, op jidde Fall op verschiddene Plazen - ech kann et net fir dat ganzt Land nopréiwen - wéi d'Masse salariale globale vum Stat. Da stellt sech op jidde Fall d'Fro, an dat ass liewenswichteg fir déi eenzel Schoulen, vun der Transparenz vum Verdeelungsschlëssel vu Statsgelder, déi en fait de Gemengen ofgehale sinn, well deen een Drëttel kënnt jo och nach aus dem Fonds de dotation communal. Et ass also am Fong Gemengegeld, wat vum Stat verdeelt gëtt.

Ech ginn Iech elo e Beispill wéi schwéier déi Prévisioune sinn. Ech sinn och frou, dass den Innenminister do ass. 2001/2002 huet d'Iechternacher Museksschoul 55.135.000 Frang kascht. Mir hunn e Subsid kritt vun 31 Millioune Frang. 2002/2003 kascht d'Iechternacher Museksschoul mat därselwechter Stonnenzuel u Coursen 59.300.000 Frang. De Subsid vum Stat ass elo op 30.500.000 Frang annoncéiert. Do gesidd Dir wéi d'Differenzen do sinn a wéi d'Differenzen och d'Abauen oder d'Erstelle vun engem Gemengebudget zimlech schwéier maachen.

Meng véiert d'Fro, an déi riicht sech un den Innenminister an un d'Kulturministerin: Drängt et sech net och op fir e Plan sectoriel vun de Conservatoiren a vun de Museksschoulen ze maachen? Dee Plang, dee mer gemaach hu fir d'Lycéeën, deeselwechte Plang musse mer och an dësem Moment bereet si fir d'Museksschoulen a fir d'Conservatoiren ze maachen. Ech bauen dat net aus, well ech d'Zäit net hunn. Ech wëll just an dësem Kontext op d'Roll, déi d'Museksschoul vun der UGDA spillt, hiweisen, d'UGDA, déi an dësem Fall Pompjee iwwert dat ganzt Lëtzebuerger Land spillt.

Si hat am Joer 2000 - ech hunn dat net genau nogekuckt - 2.200 Elèven. Am Joer 2003 goufen et 3.600 Elèven, déi vun der UGDA an den eenzelnen Uertschafte betreit gi sinn. D'UGDA ass elo eng flexibel Organisatioun. Si fiert mat hiren Enseignanten an déi eenzel Uertschafte Coursen halen. Dat ass äusserst praktesch fir d'Gemengen. Et ass vill méi praktesch fir d'Gemengen eng UGDA-Schoul ze maachen, wéi datt hir Elèvë mussen a Gebaier fueren, déi fir deiert Geld opgebaut ginn an déi d'Museksschoulen abritéieren. Also ass d'UGDA complémentaire zu de regionalen a lokalen Museksschoulen a gläichzäiteg och Konkurrenz zu de Museksschoulen. Alles dat huet säi Präis, fir déi eng wéi fir déi aner. Ech wëll net dorop agoe wat eng Museksschoul kascht: d'Raimlechkeeten, d'Bibliothéik, d'Orchesteren an esou weider.

***(Interruptions)***

Ech huelen déi Verbindung tëschent UGDA an Ecoles de musique a Conservatoirë fir ze soen: Mir mussen e Plan sectoriel maachen, soss ufert dat doten aus.

Den Avantage vun der UGDA ass zum Beispill, datt d'UGDA vill méi no bäi de kulturelle Veräiner, de Museken, de Gesangsveräiner oder bäi den Theatergruppen ass wéi déi eenzel Museksschoulen. D'Konsequenz dovun ass, dass d'Museksschoule sech en rapport setze musse mat all den Träger vum Kulturliewen an deenen eenzelne Regiounen, déi vun enger Museksschoul betreit ginn. Et kéint een elo esou weiderfueren, mä ech wëll als Ofschloss op eng Gefor hiweisen, an ech selwer si bis elo ënnergaangen do dran.

D'Museksunterrichtsdiskussioun ass ganz oft eng Diskussioun iwwert d'Finanzen. D'Museksschouldiskussioun ass eng Diskussioun iwwert d'Problematik fir Syndikater opzeriichten a munchmol muss een do de Kréimergeescht vu verschiddene Gemengepäpp wierklech bedaueren, déi nach bereet sinn eng Trompett ze finanzéieren, mä wann et un e Piano geet, da gëtt et scho problematisch fir d'Participatioun an engem Gemengerot fir e Minerval ze kréien. Ech wollt och do wierklech froen, fir datt en Incentive kënnt vum Innenministère, fir an déi Richtung Organisatioun a Participatioun vun de Gemengen un der grousser Iddi vum Museksunterrecht mat ze wierken.

D'Gefor, där mer awer och erleie kéinten, kënnt déi heite sinn, dass d'Diskussioun iwwert de Museksunterrecht eng Diskussioun gëtt iwwer Musikanten an net eng Diskussioun iwwer Mélomanen. Wann ee Museksunterrecht seet, da mengt een net nëmmen domat d'Léiere fir en Instrument ze spillen, mä et wëllt een och hifiéieren zu Museksgenoss, et schwätzt ee vum Léiere fir Musek ze appréciéieren, fir Musek ze genéissen.

Et muss ee léiere gutt a schlecht Musek vuneneen ze ënnerscheeden. Et muss ee léiere sech ze familiariséiere mat Museksgeschicht, mat Museksstréimungen, mat klassescher a moderner Musek a mat sougenannte Moudestréimungen, déi awer net onbedéngt schlecht sinn. Dat ass kee Wäertuerteel. Museksunterrecht muss och Bereetschaft schafe fir a Concerten ze goen. Bref, Museksunterrecht begräift och d'Ausbildung vu Musekskonsumenten, an hei verseet eisen normale Schoulsystem. Den Enseignement général vernoléissegt de Museksunterrecht, an dat zënter Jorzéngten, souwuel an der Primärschoul wéi am Secondaire: am Classique zum gréissten Deel an am Lycée technique komplett. Dat ass a mengen Ae skandaléis.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen iwwer eng kulturpolitesch Erausfuerderung, déi wäit iwwert d'Kompetenze vun de Gemengen erausgeet, an do drängt sech déi Ofschlossfro op: Mat wéi enge Leit, Madame Minister, fëlle mer déi Concertssäll, déi mer amgaange sinn ze bauen uechter dat ganzt Land, wa mer net eng Reform vum Museksunterrecht zu Lëtzebuerg maachen? Esou wéi en ewell leeft, leeft en net gutt.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Scheuer. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Ady Jung. Här Jung, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Ady Jung *(CSV).*- Här President, honorabel Kolleeginnen a Kolleegen, an dëser Aktualitéitsstonn iwwert den Enseignement musical a sengen diverse Strukturen an Infrastrukturen, mat senge vielfältegen Auswierkungen op eis musikalesch a kulturell Aktivitéiten uechtert d'Land, kéint ech haut méi wéi eng Stonn laang mat vill Begeeschterung eng Bilanz zéie vun deem wat mer Positives opweise kënnen aus deem sougenannten Harmonisatiounsgesetz, dat mer hei an der Chamber den 18. Mäerz 1998 ouni Géigestëmm bei 12 Enthalunge guttgeheescht hunn.

***(Interruption)***

Aus mengem Rapport vum 12. Mäerz 1998 wëll ech nëmme folgend Konklusiounen an Erënnerung ruffen:…

***(Interruption)***

„Als Rapporteur wëll ech d'Regierung opfuerderen elo och schnellstméiglech déi finanziell Mëttelen zur Verfügung ze stellen. Déi zoustänneg Ministeren si selbstverständlech gefuerdert, fir esou séier wéi méiglech déi an dësem Gesetz virgesinne Kommissiounen a Strukturen ze schafen an an d'Praxis ëmzesetzen. Mir sinn eis bewosst, datt dëst Gesetz en éischte wichtege Schrëtt ass um Wee vun enger Harmoniséierung am Museksunterrecht hei am Land. Domat kritt endlech déi musikalesch Kultur an Ausbildung hei zu Lëtzebuerg déi Unerkennung an dee Stellewäert, déi se verdéngen."

Mir als CSV-Fraktioun waren eis vun Ufank u bewosst, dass op déi zwee zoustänneg Ministèrë vun der Kultur a vum Intérieur eng riseg Aufgab géif zoukomme fir déi Erwaardungen ze erfëllen, déi mat dësem Gesetz u si gestallt waren.

Haut, fënnef Joer duerno, wëlle mer an éischter Linn der Madame Erna Hennicot-Schoepges an dem Här Michel Wolter félicitéiere fir eng konsequent Ëmsetzung vun deem, wat de Législateur mat dësem Gesetz bezweckt hat. Alle Mataarbechter an de Ministères awer och de Verantwortlechen am Enseignement musical landeswäit e grousse Merci fir déi gutt Aarbecht, déi bis elo geleescht gouf.

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Nëmmen e puer Wuert zur Finanzéierung vum Enseignement musical, wat fir eis Gemenge vu grousser Wichtegkeet ass.

***(Interruption et hilarité)***

Lauschtert no, et gëtt elo ganz interessant!

***(Hilarité)***

M. le Président.- Loosst den Här Jung schwätzen.

***(Interruption et hilarité)***

M. Ady Jung *(CSV).*- Global gesi goung de finanzielle Bäitrag vum Stat vu ronn aacht Milliounen Euro am Joer 1997 op ronn 13 Milliounen Euro am Joer 2002 erop. Dat ass eng Steigerung vun iwwer 60%! Fir grouss Gemenge wéi d'Stad Lëtzebuerg wierkt dat sech an deeneselwechte Jore vun 837.333 Euro op 2.379.912 Euro aus.

***(Interruption)***

D'Stad Esch hirersäits huet dat lescht Joer aus deemselwechte Pott 1.538.192 Euro kritt géigeniwwer vun nëmmen 332.277 Euro am Joer 1997. Also bal fënnefmol esou vill!

Loosse mer vergläichweis eng kleng Gemeng zitéiere wéi Heiderscheid, wou eise Kolleeg Marco Schank Buergermeeschter ass.

***(Brouhaha général)***

Do waren et am Joer 1997 2.964 Euro, am Joer 2002 gung et op 38.762 Euro erop.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här Jung, dann zitéiert och emol d'Käschten do vis-à-vis!

M. Ady Jung *(CSV).*- Wann een dann a Betruecht zitt, dass esou eng kleng Landgemeng mat ronn 1.300 Awunner an hire Museksunterrecht ongeféier 102.000 Euro investéiert, esou bleift eng Differenz vu méi wéi 63.000 Euro. Verständlecherweis maachen dës Leit sech Suergen, wann eng drëtt Solfègestonn bäikënnt, wat zousätzlech eng weider finanziell Belaaschtung fir d'Gemeng duerstellt!

Här President, et sief mer just nach d'Bemierkung erlaabt, dass opgrond vun dëser héijer staatlecher Bedeelegung mer et allerdéngs net gutt fannen, datt et Gemenge gëtt an deenen déi Schüler, déi net an där betreffender Gemenge wunnen, méi héich Minervalgelder bezuele mussen. Un dës Gemenge sief e waarmen Appel u Solidaritéit geriicht!

***(Interruptions)***

Ech stelle fest, et si vill Leit heibannen nervös. Deenen ass dat doten alles ze gutt.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

D'Kultur soll een awer net nëmme vun der finanzieller Säit beliichten.

Une voix.- Ah!

M. Ady Jung *(CSV).*- Méi wichteg sinn d'Auswierkungen um Terrain. Hei goung d'Gesamtzuel vun de Museksschüler vun 10.000 op no bäi 13.000 erop. Eleng d'Museksschoul vun der UGDA, déi an Zesummenaarbecht mat ville klenge Gemengen eng excellent Aarbecht leescht, huet hir Zuel vun 2.500 op 3.500 Elèven eropsetze kënnen.

Mir sinn also mat Sécherheet um gudde Wee fir optimal Resultater ze erzilen. Engersäits an de Conservatoiren, an ech denken do mat vill Freed u meng Zesummenaarbecht, als fréiere Kulturschäffen, mam Direkter vum Escher Conservatoire, dem Här Fred Harles zréck, deen op dësem Plang mat dacks beschränkte Mëttele groussaarteg musikalesch Resultater erreecht huet.

D'Conservatoirë bleiwe gefuerdert, héijen Usprëch gerecht ze ginn. D'Museksschoulen hirersäits sollen awer virun allem zu enger gudder Allgemengbildung um musikalesche Gebitt bäidroen an domat eng Beräicherung ustriewen, fir dass eis Museken, Gesangsveräiner an aner Kulturträger, déi mat Nouten ze dinn hunn, e gutt forméierten Nowuess kréien.

Mir bleiwen duerfir der Meenung, dass den Eveil musical weiderhi fachgerecht an eis Conservatoiren a Museksschoule gehéiert an net zousätzlech an d'Primärschoule verlagert gëtt, déi souwisou schonn dacks mat hire klassesche Programmen iwwerfuerdert sinn.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Dat doten ass e klassesche Programm.

M. Ady Jung *(CSV).*- Ofschléissend wëlle mir e waarmen Appel un déi verantwortlech Regierungsmembere riichten duerfir Suerg ze droen, datt d'Ugebuet vu musikalesche Bildungsméiglechkeete weiderhi gefördert gëtt. Déi Verantwortlech um kommunale Plang si gefuerdert falsch verstane Rivalitéiten ze ënnerloossen, déi ouni Zweifel onnéideg käschtespilleg Auswierkungen no sech zéien.

Här President, et gëtt näischt, wat een net nach besser maache kéint. Konstruktiv kritesch kann an dierf een alles uspriechen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Jung. Normalerweis wär et elo un der LSAP, mä den Här Scheuer huet jo scho fir d'LSAP geschwat. Et ass dann elo un der Madame Agny Durdu. Madame Durdu, Dir hutt d'Wuert.

Mme Agny Durdu *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ware ganz laang Diskussiounen déi gefouert gi sinn hei am Land iwwert d'Bedeelegung vum Stat un de Musikscoursen an un de Musiksschoulen. An ech erënneren elo hei un den Asaz vu menger Fraktioun a besonnesch un eng Interpellatioun vun 1984 vum René Hubsch iwwert d'Musiksschoulen an d'Nécessitéit, dass de Stat seng Verantwortung sollt an dësem Beräich iwwerhuelen.

Et huet deemno ganz laang gedauert ier mer dat Musiksgesetz op den Instanzewee konnte bréngen an 1998 ass dunn dat bestehend Gesetz gestëmmt ginn. Et kann een haut feststellen, an ech beruffe mech natierlech haaptsächlech do op déi Erfahrungen, déi mir als Klierfer Kanton mat eiser Musiksschoul hunn, dass den Unterricht, deen offréiert gëtt, wierklech e Gudden ass, dee ganz vill Zoufall fënnt bei de Leit.

Wann ech déi Klierfer Musiksschoul méi spezifesch gesinn, da stelle mir mat grousser Satisfactioun fest, dass eng konstant Progressioun vun der Schülerzuel do ass. Dass also ëmmer méi Kanner, Jugendlicher an och Erwuessener op déi Servicer zréckgräifen, wou mir natierlech ganz stolz driwwer sinn. Dat op där enger Säit.

Op där anerer Säit bréngt et natierlech och eng Rei Problemer mat sech. A wann ech lech soen, dass wann ech vergläichen déi Coursen, déi gehale ginn, huet Stad Lëtzebuerg am Joer 2001-2002 1.806 Stonnen offréiert an deem Beräich an d'UGDA-Schoul Klierf huet der 1.721 offréiert. Also gesitt Der, dass der Musiksschoul an eiser Géigend wierklech e ganz grousse Stellewäert zoukënnt.

Mir vergonnen natierlech eise Chargés de cours, dass si ofgeséchert an uerdentlech Paië kréien, déi hir Verankerung am Gesetz vun 1998 fannen. Mir hunn natierlech eng gutt Partie auslännesch Kursusleiteren an eiser Schoul an ech wollt dee Punkt ervirhiewen, well nämlech an enger Question parlementaire déi Problematik opgeworf ginn ass. Ech fannen, dass d'Madame Hennicot deemools gutt reagéiert huet an hirer Äntwert, well et ass nun emol esou, dass déi Klierfer Musiksschoul dezentral fonctionnéiert. Mir géife jo natierlech och Lëtzebuerger Musikschargéën engagéieren, mä et ass

nun emol e Fait dass d'Stad an d'Éislek ganz wäit ausernee leien. A wann een da muss bei eis erop kommen an eng Kéier op House muss fueren, eng Kéier op Eeschwëller, eng Kéier op Wëlwerwolz, eng Kéier op Wäisswampech, eng Kéier op Béigen, eng Kéier op Hengescht, an ech weess net wou all eis Coursen organiséiert ginn, dann ass dat ganz wäit an et ass nun emol e Fait dass deementspriechend elo ganz vill Kursusleiteren aus der Belsch, respektiv aus Däitschland bei eis kommen, mä wou ech awer muss soen, dass hir Coursen eng excellent Qualitéit hunn. Och hiert Engagement fir eis Sprooch ze léieren ass do. A souwéisou, och wann eis Kanner mol déi eng oder aner Kéier musse franséisch schwätzen, ass dat och nach net esou schlecht.

***(Interruption)***

Si maachen d'Examen alleguer. Si mussen. Dat ouni Ausnahm. Mä dat wat awer de Problem ass, an do ginn ech dem Här Jung a senger Analys net ganz Recht, ass dass de finanziellen Drock, deen an de Gemengen ass, extrem héich gëtt, an de plafonéierten Drëttel vum Stat, dat deet wéi an eise Keesen. Ech hoffe just, dass dee finanziellen Drock net esou héich gëtt, dass op eemol d'Gemenge soen, elo musse mer awer mol bremsen, an d'Musikskultur do drënner ze leide kritt.

Dës Problematik, ënner aneren, war vun der Madame Brasseur deemools, wéi dëst Gesetz gestëmmt ginn ass, opgeworf ginn, an ech kann hiren Aussoe vun deemools an och deene vun aneren Orateuren, déi deemools gesot hunn, mir sollen dat Gesetz e puer Joer gebrauchen an dann eng Evaluatioun dervu maachen, nëmmen zoustëmmen. Dat ass och am Fong déi Konklusioun, déi een haut soll draus zéien. Et sollt ee wierklech déi Evaluatioun vun dësem Gesetz maachen. Et wier wichteg fir ze kucken, wou et wéi deet an dësem Gesetz, wat nach Lacunen a wou Problemer sinn, obschonn natierlech dëst Gesetz en Usaz ass, dee luewenswäert ass.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech wollt kuerz Stellung huelen zu deene Chifferen, déi den Här Jung hei iwwert d'Stad Lëtzebuerg gesot huet. Ech hunn nämlech elo grad dem Finanzdirekter vun der Stad Lëtzebuerg déi Chiffere gesot. Et muss een déi awer an déi richteg Relatioun bréngen.

Et ass richteg, dass mer virun 1998 ongefeier 32 Milliounen al Lëtzebuerger Frang kritt hunn, an dass mer elo nom Kont 2001 3,1 Milliounen Euro kritt hunn, mä mir hunn awer 14 Millioune Fräen an dem Conservatoire. Wann ech also d'Participatioun vum Ministère de la Culture a vum Ministère de l'Intérieur zesummen zielen, dat heescht also déi 3,1 Milliounen, da sinn dat 22%. Or, dem Gesetz no kéinte mir bis zu 66% kréien. Ech wollt déi Prezisioun bréngen, net fir dass ee mengt d'Stad Lëtzebuerg géif elo onwahrscheinlech vill do profitéieren. Et ass richteg, dass mir wuel e relativ héije Chiffer kréien, mä et muss een en an d'Relatioun setze mat de Gesamtdépensen, déi mer hunn. 14 Milliounen Euro par rapport zu 3,1 Milliounen Euro, wat eigentlech dann nëmmen 22% Participatioun vum Stat sinn.

M. le Président.- Nächsten Orateur ass den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gesetz iwwert den Enseignement musical, wat mer am Abrëll 1998 gestëmmt hunn, ass eiser Meenung no eent vun deene wichtegste Gesetzer wat d'Investitioun an d'Kultur ubelaangt. Dat kënnt der Musik an dem Gesank insgesamt zegutt.

Ech wëll direkt op e Problem agoen, dee virdrun ugeschwat ginn ass vu menger Virriednerin. Wa mer haut net genuch Enseignanten hu fir an eise Musiksschoulen anzesetzen…

***(Interruption)***

Och d'UGDA muss op déi zréckgräifen.

…an op Leit aus der Grenzregioun mussen zréckgräifen, dann huet dat ebe mat der Traditioun ze dinn, dass mer eiser Meenung no heimat en Instrument geschafen hunn, wou mer och jonke Leit, Résidenten, an Zukunft d'Méiglechkeet gi fir e full-time Job an dem Enseignement musical ze kréien.

Bis elo hu Jugendlicher, déi musikbegaabt waren, hir Formatioun an der Musik zousätzlech zu enger anerer Formatioun gemaach, a si haten am Fong herno nëmmen d'Méiglechkeet hei am Land an der Militärmusik oder an engem vun de Conservatoiren eng Plaz ze fannen. Duerch den Enseignement musical, dee mer hei geschafen hunn, sinn ech iwwerzeegt, dass, iwwer Jore gesinn, e puer honnert Plaze geschafe ginn, wou Leit kënnen e full-time Job kréien a wou dann och Jugendlicher sécherlech drun interesséiert si fir an déi Musiksrichtung hir Formatioun ze maachen, well se eben dann och eng gewësse Garantie kënne kréien, herno do en Job ze fannen. Dat, fannen ech, ass eng äusserst positiv Saach, déi der Kultur hei zu Lëtzebuerg kënnt entgéintkommen, dass mer herno och méi Résidentë kënnen doranner kréien.

Am Abléck hu mer am Gesetz stoen, dass eng Iwwergangsregelung besteet fir déi Leit vun der Militärmusik, déi dégressiv erofgeet mat der Zäit wou d'Gesetz leeft. An hei géife mer och mengen, dass d'Regierung gutt berode wier fir do vläicht awer net ze stur virzegoen, vu dass mer net genuch Leit hunn, déi am Ablack kënnen déi Coursen halen, dass een do soll déi Iwwergangsphas vläicht e bëssen erauszögeren, fir op där anerer Säit awer deene Leit nach déi Méiglechkeet ze ginn, well mer jo nach e Manktum un Enseignanten hunn.

De Spillraum fir d'Gemengen, deen den Här Scheuer hei ugeschnidden huet, do wëll ech awer soen, dass een dee muss nuancéieren. Ech schwätzen net vum finanzielle Volet, mä ech schwätze méi vun deem organisatoreschen. Mir hunn e Gesetz iwwert den Enseignement musical, wou déi Musiksschoulen e Bestanddeel vun engem Ganze sinn. An da schéngt et mir awer och normal ze sinn, wa mer als Gemengen déi Musiksschoulen ubidden, dass dat an dat Ganzt erapasst, souwuel wat de Contenu ubelaangt wéi d'Formatioun vun deene Leit, déi déi Coursen halen. Dat muss menger Meenung no vun ënnen no uewen e Ganzt sinn. Dat war och d'Iddi déi am Gesetz läit. An dass mer dann eben do net dee Spillraum hunn, wéi vläicht deen een oder aneren et wollt, dat schéngt mer awer eppes Logesches ze sinn. Et kann net sinn, dass all Gemeng aner Coursen ubitt, dass all Gemeng vun hiren Enseignanten aner Formatioune verlaangt oder se anescht rémunéréiert. Dat muss e Ganzt vun ënnen no uewe ginn.

Wat natierlech e Problem duerstellt, dat ass fir d'Gemengen de finanzielle Volet. Et si verschidde Chiffere genannt ginn an ech géif mengen, dass déi 118 Gemengen, oder zumindest déi Gemengen déi den Enseignement musical ubidden, wann déi zréckkucke wéi et virdru fonctionnéiert huet, datt do et en enorme Sprong an d'Luucht gaangen ass. Fréier hunn an den Uertschaften d'Musiken dat gemaach an haten en Arrangement fonnt an hu vun de Gemengen e Subsid kritt. Haut hu mer eng Struktur an eng Regel dran. Mir waren eis bewosst vun Ufank un, dass dat méi géing kaschten.

D'Fro, déi sech stellt, dat ass dee Plafonnement vum Stat a sengem Drëttel, deen dann op d'Käschte vun de Gemenge geet, a wann de Gemengen de finanzielle Volet ze vill grouss gëtt, wäerten d'Gemengen net derlaanscht komme fir eng Brems am Ugebuet anzeleeën, oder se musse méi héich Taxes d'inscription froen.

Wichteg ass awer, an ech géif och do dervir warnen, wa vun engem Plan sectoriel geschwat gëtt, dass een déi Musiksschoule muss no un de Leit an den Dierfer loossen.

Drëttens ginn an der Regel an dëse Musekssschoule ganz jonk Leit, Kanner, an hei, wa mer se an den Dierfer loossen, da kënnen d'Eltere se dohinner féieren a si kënne se ewech huelen. Dat ass also wichteg, a wa mer méi wäit ewech gi vun de Leit, da wäert wahrscheinlech eng Partie Leit net dovu kënne profitéieren.

Deen zweete wichtege Punkt ass, datt mer se no bei de Gesellschafte loossen, bei de Museken, bei de Gesangsveräiner an datt mer och do an déi Kommissiounen, déi an de Gemengen agesat ginn, Leit eranzéien déi vun de Museken an de Gesangsveräiner kommen, fir datt mer déi Verbindung hiergestallt loossen. Well fréier hunn d'Museken hir Leit selwer ausgebilt a si hu se dann och doduerch direkt an de Museke gehal.

An eng vun de Gefore war, datt iwwert den Enseignement musical, wa mer dee ganz op staatlechen a kommunalen Niveau hiewen, datt dann déi Nuebelschnoueren zu de Museke verluer géife goen a wann een dat dann uerdentlech géréiert.

De Kolleeg Scheuer huet hei gesot, datt d'Gemenge kee Problem hätte bei den Trompetten, awer Problemer vläicht bei de Pianoen. Ech géif soen, et ass net iwwerall esou, Här Scheuer, et soll een dat net nëmmen op enger Gemeng sichen. Mir hunn zum Beispill bei eis scho véier Pianoe fir an d'Museksschoul kaf, well eben d'Ugebuet do grouss ass, mä par contre, mir hunn nach keng Trompett kaf.

***(Hilarité)***

Mir soen einfach zu deene jonke Leit, si sollen an d'Museke goen an da kréie se vun der Musek d'Instrument gestallt an domadder komme se dann och an d'Museken eran. Well dat ass eise But jo un alleréischter Stell fir de Museken eng Méiglechkeet ze ginn, fir och do iwwert dee Wee Leit ze inspiréieren.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här Gibéryen, däerf ech lech eng Fro stellen?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, selbstverständlech.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Wann dann elo en Elève kënnt an hie wëll chinesesch Harf léieren. Wat maacht Dir dann?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, Här Scheuer, da muss ech ofwaarden, wat déi lechternacher dorobber maachen, dorobber hunn ech keng Äntwert, well mir wäerten dat net ubidden. Mir versichen dat unzebidden, wat bei eis a priori vun de Museken a vun de Gesangsveräiner verlaangt gëtt.

***(Interruptions diverses)***

Dat bidde mer un, a mir bidden doniewent och nach Pianoscoursen un. Obschonn d'Pianoscoursen och eppes ass, wat esou richteg a Moud komm ass a wat och en deiere Wee gëtt a wou een och vläicht muss eng Brems hunn, mä et schéngt awer eppes ze sinn, wat awer nach kann der Kultur an den Dierfer, an de Veräiner zegutt kommen. Mä doriwwer eraus gi mir als Gemeng net, mat Ugebueter, mat Coursen, déi näischt mat eise Museken an eise Gesangsveräiner ze dinn hunn. Da musse mer vläicht op deenen Niveaue méi regional oder zentral goen, mä net op d'Gemengen.

Duerfir ass déi Verbindung och wichteg, déi déi meescht Gemenge mat der UGDA geholl hunn - wat jo wonnerbar fonctionnéiert, dat muss een awer hei soen -, wou d'Gemengen déi Coursen ugebuede kréien, déi se brauchen, a wa se dat Joer drop déi Coursen net méi brauchen, dat heescht dee Pool deen d'UGDA do duerstellt, dee kënnt awer all deene Gemengen zegutt. Sou datt ech géif aus menger Erfahrung soen, datt deen Enseignement musical, sou wéi mer en ageféiert hunn, eppes äusserst Positives ass. Et ass just de finanzielle Volet dee mer fir d'Gemengen ze bedenke gëtt, well eben duerch dat grousst flächendeckend Ugebuet, wat mer duerch d'Land gemaach hunn, selbstverständlech och haut méi Leit vun deem Ugebuet profitéiere wéi dat viru Jore war.

An da muss ee vläicht mol e globale Chiffer nennen, wann dovu geschwat gëtt, datt den Enseignement musical, zéng, dräizéng Milliounen d'Joer kascht. Mir wäerte mar hei e Gesetz stëmmen iwwert d'Fondation Henri Pensis, fir den Orchestre philharmonique ze finanzéieren. Wann ech dee Chiffer, deen do am Projet de loi dra steet, kucken, da gi mer do fir een Orchester am Fong bal genau datselwecht aus, wéi mer hei fir dee ganzen Enseignement musical fir d'ganzt Land ginn.

A wa mer déi Relatioun stellen, dann ass dat hei sécherlech net ze vill wat mer hei an d'Kultur investéieren. Just bleift d'Fro tëschent der Opdeelung vum Stat an de Gemengen ze klären.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. De leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Gira. Gesitt Der Här Gira, Dir kommt och elo drun.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss soen dass ech schonn e bësse gestaunt hunn iwwer gewëssen Interventiounen, déi hei viru mer gemaach si ginn.

Déi éischt wier déi vum Här Scheuer, wéi hien eng Rei Vuen hei vertratt huet, déi deene vun der grénger Fraktioun praktesch gläichen, mä déi awer och scho virun e puer Joer deene geglach hunn. Ech war erstaunt gewuer ze ginn, dass den Här Scheuer deemools, wéi dat Gesetz gestëmmt ginn ass, awer ganz wéineg vun deenen Iddien do, sief et a senger Fraktioun, sief et an där Majoritéit wou hien deemools mat dra war, eriwwer kritt hat.

Ech hunn deemools scho gefrot, dass mer sollte méi eng prinzipiell Diskussioun iwwert den Enseignement musical féieren, ier mer géifen e Gesetz maachen. Ech hat deemools d'Iddi vun engem Plan sectoriel op den Dësch geluecht a gesot, dass et net géif drëm goen elo eenheetlech Kritären ze maachen, mä dass mer och mol missten dozou kommen, e rationellt Asetze vun deene Gelder, déi mer an deen Enseignement musical stiechen, ze verdeelen. Ech hunn deemools relativ wéineg Hëllef kritt, och op Säite vun der LSAP, dofir erstaunt dat mech awer elo, mat wéi enger Véhémence den Här Scheuer haut déi doten Iddie vertrëtt, wou hie mir deemools awer ganz wéineg gehollef huet.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Dir hutt deemools net alles matkritt.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Ech muss awer soen, dass ech awer nach méi erstaunt sinn iwwert dem Här Jung seng Interventioun. Ech hat awer wierklech dat Gefill, Här Jung, Dir géift um Mound liewen, wéi ech Är Interventioun hei héieren hunn. Éischtens…

***(Hilarité)***

M. Ady Jung *(CSV).*- Wann et lech géif nogoen, da géifen déi Gréng nach Didjeridoo blosen a soss näischt aneschters.

***(Hilarité)***

Une voix.- Ganz gutt.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Also mir géifen dat nach vläicht besser fäerdeg bréngen, wéi Dir de Choral, Här Jung.

M. Ady Jung *(CSV).*- Dat ass méiglech.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Mä aus zwou Ursaachen hunn ech gemengt Dir géift um Mound liewen, Här Jung.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Keng Zwëschegespréicher, wann ech gelift.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Et ka jo awer net sinn, Här Jung, dass Dir hei d'Halschent vun der staatlecher Participatioun, déi vum Ministère de l'Intérieur kënnt, als staatlech Suen duerstellt. Dobäi misst Dir dach wëssen, dass déi Sue virdrun de Gemengen aus dem Fonds de dotation communal erausgeholl si ginn. Dat sinn iwwerhaapt net der Regierung hir Suen, dat sinn d'Sue vun de Gemenge gewiescht an déi kréie mer elo manner iwwert de Fonds communal. Dat war just geduecht, dass déi 118 Gemenge géifen un der Participatioun deel huelen.

Ech mengen den Här President vum SYVICOL ass e beruffenen Témoin fir mer ze soen dass ech do richteg leien. Dat si keng Suen aus dem Statsbudget, dat si Suen déi virdrun am Fonds communal de dotation financière waren an déi haut iwwer en anere Wee kommen. Also wann ech gelift, Här Jung, da stellt et net duer…

M. Ady Jung *(CSV).*- Här Gira, een Deel, awer nëmmen een Deel, …

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- D'Halschent vun deene staatlechen…

M. Ady Jung *(CSV).*- …an dee gëtt geziilt fir den Enseignement musical agesat, an zwar op deene Plaze wou e praktizéiert gëtt.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Neen, Här Jung. Wéi Dir déi Chifferen hei gemaach hutt, hutt Dir déi integral Zomm geholl. Ech soen lech d'Halschent vun där Zomm, déi Dir genannt hutt, si keng Sue vum Stat, mä dat ass just eng Ëmverdeelung vu Gemengesuen, déi virdru vläicht nëmme vun deene Gemenge komm sinn, déi eng Museksschoul haten, an déi elo vun deenen 118 kommen. Dat huet awer näischt mat der Participatioun vum Stat un deem Museksunterrecht ze dinn.

An dat zweet…

M. le Président.- Här Gira, erlaabt mer dass ech dem Här Jung an lech soen, dass Dir net sollt hei Zwiegespréicher féieren, mä dass Der lech sollt un d'Chamber wenden an net een un deen aneren. Sou ass et net Usus an dësem Haus.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, da soen ech lech dass ech wierklech gemengt hunn, den Här Jung géif um Mound liewen, wéi ech hei seng Interventioun héieren hunn.

An aus der zweeter Ursaach hat ech dat Gefill, dass den Här Jung keng Zeitung géif liesen an op jidde Fall net Gemengerotsberichter vun anere Gemengen. Well dann hätt hie festgestallt, dass den En-

seignement musical, deen eigentlech virun 1998 kaum zu negative Schlagzeilen an de Gemengerotsberichter gefouert huet, haut permanent fir negativ Schlagzeile suergt, well d'Gemengen einfach elo ufänken déi enorm finanziell Belaaschtung vun der Reform do ze spieren.

Ech kann aus eegener Erfahrung schwätzen, well am Réidener Kanton war Museksunterrecht keen Thema, bis dat Gesetz hei komm ass. Mä zënter dass Joer fir Joer duerch d'Gesetz, natierlech awer och duerch de Succès vun de Schüler, Augmentatioune vu 25, 30% fir déi eenzel Gemengen à l'ordre du jour sinn, ass et en negatiivt Thema bei eis am Eck. Liest mol d'Gemengerotsberichter vun der Gemeng Ettelbréck, déi d'nächst Joer, wann dat kënnt, wat hei profezeit gëtt, mat minus 40% Gewerbesteier, eleng duerch hire Conservatoire an duerch de CAPe, wäert kënnen de Schlëssel ënnert den Teppech leeën.

Da sot dach net, déi Reform hei dat wier e volle Succès gewiescht an Dir félicitéiert deenen zwee Ministeren hei, well elo Rou am Land ass. Et ass awer iwwerhaapt net wouer an et ass och net gelonge wat gehofft gi war, eng Konzentréierung, eng Rationaliséierung vun deem ganzen Unterrecht.

Am Géigendeel, et ass zu enger Proliférationoun vun deene kommunalen Enseignementer komm. Ech wëll hei net déi positiv Aarbecht vun der UGDA schlecht maachen, mä ech mengen awer net dass et sënnvoll ass, dass mer erëm iergendwéi eng Kéier, wann dat doten esou weider geet, 118 verschidde Museksschoulen am Land hunn.

Ech hätt mer gewënscht, dass mer eng Konzentréierung, eng Regionaliséierung kritt hätten. Dat verhënnert sécherlech net, dass een Antennen an deenen eenzelne Gemengen hätt, zum Beispill fir de Solfège ze maachen. Ech sinn awer net der Meenung dass et gutt ass, wa mer an 118 Gemengen eng Museksschoul hunn. Déi wäerten nimools déiselwecht Qualitéit kënne bidde vun enger regionaler Museksschoul oder vun engem Conservatoire, sief et dee vun Ettelbréck, vun Esch oder an der Stad.

Sou dass ech vill méi skeptesch sinn iwwert den Impakt vun deem Gesetz hei. Ech gi gären zou, dass de Volet, fir deene Leit déi elo schaffen, elo mol endlech eng ofgeséchert Aarbechtsplaz ze ginn, erreecht ginn ass. Glécklecherweis, dat begréisse mer och. Ech mengen, dass et och zu enger Harmoniséierung vun dem Enseignement komm ass. Dat ass richteg. Wann awer elo iwwert déi finanziell Sträitfro, dat inhaltlecht Positiivt futti gemaach gëtt, well op eemol einfach d'Suen net méi do si fir e flächendeckende gudde Museksunterrecht ze maachen, dann hu mer schlecht geschafft, Här President, an ech kann och dat nëmmen ënnerstëtzen, wat den Här Gibéryen zum Schluss gesot huet.

Mir stëmme mar e Gesetz wou d'Participatioun vum Stat un engem Philharmonie Orchester bal dat duebelt ass vun deem, wat säin eegenen Apport zum Enseignement musical ass. Wann dës Regierung mengt, d'Participatioun un engem professionnellen Orchester wier hinne bal duebel sou vill wäert wéi d'Participatioun un de Museksunterrecht vun 10.000 Schüler, dann ass dat och en Zeeche wéi eng Kulturpolitik dës Regierung wëllt maachen. Et ass op jidde Fall net déi, wéi mir eis se als Gréng virstellen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Gira. Elo huet d'Regierung d'Wuert. Madame Minister, wann ech glift!

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'alleréischt emol den Historique rappeléieren.

Dat hei ass eng Operatioun gewiescht, déi net nëmmen 20 Joer laang gedauert huet. D'Madame Durdu huet d'Interpellatioun, déi ech 1984 un de Kulturminister erageriicht hat, erwähnt. Wann een déi Motioun kuckt, déi deemools abruecht ginn ass a gestëmmt ginn ass, dann ass déi nach haut aktuell.

Se huet ee Punkt erreecht andeems se de Beruff gefestegt huet an andeems se och eng Harmoniséierung fäerdeg bruecht huet. Et bleiwen awer nach vill aner Saachen opstoen. Dat ass awer eng Diskussioun déi schonn zréckgeet an d'60er Joren, well de Kulturminister Pierre Grégoire hat schonn e Projet eragereecht fir eng national Museksschoul ze schafen. Esou laang si mer also amgaangen. Et kann een net alles an engems maachen.

Mir hunn dat Gesetz hei 1998 gestëmmt, wéi d'CSV an d'Sozialisten zesummen an der Regierung waren, an ech bedaueren dass den Initiator vun dëser Debatt, den Här Scheuer, et net derwäert fonnt huet ze erwähnen, dass mer mat deem Gesetz 521 fest Aarbechtsplaze geschafen hunn. Sinn dat keng Aarbechtsplazen? Mir kommen aus engem Débat, deen iwwert de Chômage schwätzt, an hei huet eng Regierung 521 fest Aarbechtsplazen nei geschafen duerch e Gesetz vun 1998, an dat ass hei emol net derwäert gewiescht erwähnt ze ginn.

Leschten Enns war dat jo den Objectif, well mer gesinn hunn dass déi Chargés de cours ëmmer wéi Doléiner behandelt gi sinn, datt se dat engt Joer net woussten, ob se dat anert Joer nach géifen hir Plaz behalen. Si konnte kee Prêt maache fir en Haus ze kafen, well se gesot kritt hu si hätte keng fest Aarbechtsplaz. Alles dat konnte mer regelen.

Ech si frou, datt et geregelt ass, well et ass héich Zäit ginn, datt mer och de Beruff vum Museker unerkennen. Dir Dammen an Dir Hären, dat ass ee vu menge Motiver gewiescht fir an d'Politik ze goen, fir ze weisen dass och e Museker op verschiddene Plaze matschwätze kann an dass dat net déi Allerlescht sinn, esou wéi wa Museker nëmme spille kéinten an zu soss kengem Gedanke fäeg wären. Ganz dacks huet een a ville Kreesser vun eiser Gesellschaft do nach Viruerteeler. Et gëtt Zäit, fir dass mer eis iwwerleeë wéi mer dat strukturéieren.

Mir hu mat dem Gesetz nach laang net déi Objektiver erreecht, déi mir als Kulturpolitiker virschwiewen an déi och an de Milieue vun der Musek wënschenswäert sinn. Mir hu wuel d'Zuel vun den Elèvë kënnen an d'Luucht setzen. 1998 waren et der 10.475, et sinn der elo an dësem Schouljoer 12.292, bäi 521 Enseignanten. Wann een dat a Relatioun setzt mat dem Total vu 75.000 Schüler, de Primaire, de Préscolaire an de Secondaire zesummegerechent, da gesi mer dass mer nach e grousst Feld virun eis hu fir all Jugendlechen an de Kontakt mat der Musek ze bréngen, an dat soll jo d'Zil vun esou engem Enseignement sinn. Duerfir wëll ech och dat widderleeën, wat net den Interpellant, mä den Initiator…

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Dierf ech eng Fro stellen, eng Prezisioun ginn?

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- Ech soe mäi Saz nach fäerdeg.

…wat hie gesot huet, well da kënnt Der dat vläicht mat abegräifen.

Hien huet gesot, dass de Museksunterrecht am Enseignement secondaire géif vernoléissegt ginn. Ech hunn d'Madame Brasseur gefrot si soll mer dozou eng Note maachen. Si huet dat och gemaach. Si huet mer gesot, datt am leschte Joer eleng 24.000 Schüler aus all eisen Ordres d'enseignement op engem Concert waren, dee vun de Schoulen organiséiert ginn ass, op engem Concert vum OPL, vun der Militärmusek oder vu Brigades d'intervention vun deene verschiddenste Genren.

Et sinn och nei Schoulbicher erauskomm, nei Gesangsbicher. De Kulturministère huet en neit Material an Optrag gi fir de Précoce. Et ass also net esou, datt op deem Gebitt do näischt geschéie géif. Et ass awer nach ëmmer meng Suerg, an do si mer nach net do wou ech gären hikéim, datt all Kand aus eisem Schoulsystem d'Geleeënheet kritt fir mat Musek Kontakt ze kréien. Dat bleift nach e bëssen op wéi mer dat gestalten.

Mir hunn natierlech, andeems mer och net alles kënnen an d'Schoul tässelen, elo de Wee vun deem Niewelaanscht gewielt. Ech denken, datt ee vun de Beräicher, deen am Gesetz nach opsteet an deen nach net exécutéiert ginn ass, zum Beispill d'Zesummenaarbecht vun der Organisatioun vun der Initiatioun mat der Schoul ass. Déi ass am Gesetz virgesinn. Déi kéint ee maachen, virausgesat datt ee mat sengen Enseignanten a mat deenen, déi d'Musek enseignéieren, zesumme schaffe kann, an datt een dat och zesummen organiséiere kann. Da kéint villes och am Beräich vun de Museksstonne vun der öffentlecher Schoul stattfannen.

Ech ka mer duerchaus virstellen, datt een am Préscolaire wonnerbar d'Initiation à la musique maache kann, datt een dat duerchkritt ouni d'Kanner méi ze belaaschten, datt ee se op der Plaz huet an datt een domadder déi beschte Viraussetzunge geschafen huet fir un d'Kanner alleguerten ze kommen ouni Méikäscht.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer och hei meng Mercië lassginn, well wa mer am Enseignement musical haut do sinn, wou mer sinn, dat heescht datt mer e flächendeckend iwwert d'Land hunn, dann ass dat dank de Gemengen. Dann ass dat och de Mérite vun deene Gemengen, déi scho ganz fréi dat dote gewielt hunn an déi och de politesche Choix getraff hunn. Haut ass et jo esou, dass kee freet: Wat kascht den Entréesbilljee fir op e Futtballsterrain, wa mer berechne wat säi Fonctionnement par rapport zu de Leit kascht, déi do sinn. Par contre gëtt bei der Musek déi Rechnung gemaach. Duerfir ass et e politesche Choix an et ass deene Politiker héich unzerechnen, déi eng Prioritéit fir d'Kultur setzen a sech och net scheien.

Ech wëll awer och der UGDA merci soen. D'UGDA ass mat 136 Enseignanten déi gréisste Museksschoul, méi grouss wéi de Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg, an d'UGDA huet ganz sécher et méiglech gemaach, datt mer déi Harmoniséierung do konnten ugoen, well soss hätte mer et net fäerdeg bruecht. Et gesäit een um Beispill vun engem klenge Syndikat, „kleng", well am streiden ass e grouss, dee vu Réiden, wéi schwiereg et ass, wann ee mat Gemengeverantwortlechen eleng do soll op e gemeinsamen Nenner kommen. D'UGDA-Museksschoul huet an deem Sënn villes erliichtert, villes méiglech gemaach. Wann elo hei gemengt gëtt dat wier en Eparpillement, da soll een nach eng Kéier doriwwer schwätzen. Et ass kenger Gemeng verbuede mat enger anerer zesummenzeschaffen. D'Autonomie vun de Gemengen ass nach wie vor kloer, an duerfir wëll ech de System vum Finanzement och nach eng Kéier hei erläuteren.

Well op wat intervenéiert de Stat? De Stat intervenéiert jo - den Här Minister Wolter geet herno och nach op de Finanzement an - op dem Elève, well et kënnt dem Kulturministère drop un, datt et den Elève soll sinn, deen dovunner profitéiert. An dann ass natierlech d'Gemeng massgebend an d'Gemeng ass fir d'Organisatioun ëmmer nach selbststänneg an autonom. D'Gemeng kann décidéieren, ob an eng Klass 20 Schüler kommen oder 25 oder nëmmen zwee, an d'Gemeng kann décidéieren, ob e Cours annerhallef Stonn huet oder nëmmen eng hallef Stonn.

An där doter Berechnung stellt sech dann och déi Diskrepanz mat der Stad Lëtzebuerg eraus, well bei der Stad Lëtzebuerg ass natierlech dee ganze Fonctionnement mat a Rechnung gestallt, woubäi mer wëssen datt de Conservatoire vu sengem Fonctionnement hier net nëmmen dat schoulescht eleng ass, mä datt d'Stad Lëtzebuerg sech dat natierlech och eppes kaschte léisst. Dat erkläert, firwat datt d'Stad Lëtzebuerg beim Remboursement mat 38% mat deem niddregsten Taux vu Remboursement do steet. Wuel verstanen, well bei der Berechnung vun deem wat pro Elève opbruecht gëtt nëmmen den Enseignement a Rechnung gestallt gëtt an net alles dat wat am schoulesche Beräich ronderëm leeft.

Dat gesot, gëtt et natierlech Diskrepanzen, déi och op d'Gemengenautonomie zréckzefëiere sinn. Zwou Schoulen, déi vergläichbar sinn: Iechternach an Diddeleng. Déi zwou Schoulen hunn 43 Enseignanten. Déi eng huet Frais généraux vun 1.355.000 Euro ugemellt. Dat ass Diddeleng. Déi aner 1.745.000 Euro. Dat ass Iechternach. Iechternach ass also vill méi deier wéi Diddeleng. Aus wat fir enge Grënn?

Dat muss vläicht den Här Scheuer selwer an der Analys emol erausfannen. Hie wäert wahrscheinlech eng Partie Erklärungen duerfir hunn, firwat datt seng Käschte méi héich si wéi déi vun Diddeleng, mä dat féiert natierlech dozou, datt den Taux de remboursement fir lechternach bei 47% läit, woubäi e bei Diddeleng bei 72% läit. D'Gemengenautonomie féiert also dozou, dass et hei esou an do esou ass.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Wat wëlle mir elo? Wëlle mer d'Gemengenautonomie ofschafen? Ech wëll mech dozou net äusseren. Ech menge mir sollen hei eng Harmoniséierung ustriewen. D'Gesetz seet ausdrécklech: Et ass keng Gleichmacherei, et ass eng Harmoniséierung vun deem wat besteet. Duerfir solle mer kucken, datt mer d'Fro, déi d'Eltere sech stellen, beäntwerte kënnen, well d'Eltere wéisste gären, wa se hiert Kand elo hier schécken an et geet gären d'nächst Joer duer, wéi et da mam Iwwergang ass. Kënnt hiert Kand da mat deem wat et an där enger Schoul geléiert huet an där anerer Schoul virun? Méi ass an deem Gesetz net virgesinn.

Et ass eng mühsam Aarbecht an ech muss dem Commissaire à l'enseignement musical merci soen, deen déi ganz Aarbecht mat zwee Mataarbechter, engem ganzen an nach engem halwen, bewältege muss. Et ass och ee groussen Effort verlaangt vun den Direktere vun deene Conservatoiren a vun alle Chargéën, déi sech mussen zesumme raufen. Si komme vu ganz verschiddene Richtungen hier munchmol. Déi eng, déi maache méi Solfège wéi déi aner, an déi hu ganz verschidden Opfaassungen, well se och verschidde Schoulen hunn. Déi eng hunn déi däitsch Schoul, déi aner hunn déi franséisch Schoul an hirer Ausbildung. Et ass e Wierk, wat schonn et a sech huet.

Vun de Reglementer sinn der aacht geholl an nach véier bleiwen ze huelen. Den Här Scheuer hat dat gefrot. Ee Reglement betrëfft den Enseignement des adultes, deen net geregelt ass. Do schwieft et mir vir, datt mer fir d'Adulten an der Musik datselwecht virgesi wat mer an allen anere Beräicher hunn. En Adulte ka Coursen huelen iwwer Seidemolerei, ka Sproochecoursen huelen am Kader vun der Education nationale, wou mer eng 12.000 Interesséierter all Joer hunn, déi esou e Cours beleeë mat engem minimalen Opwand u Participatioun, an déi domadder sënnvoll Niewebeschäftegungen hunn, mä awer och am System vu weider léieren a sech weider forméieren dra sinn. Enseignement des adultes fuerderen ech och an engem geregelte strukturéierte Kader fir d'Musik. Ech sinn der Meenung, dat ass eng Obligatioun déi de Stat kéint organiséieren, selbststänneg, a wou och dat entspriechend Reglement da géif virgesinn, datt net nach zousätzlech Käschten op d'Gemengen duerkommen. Dat anert Reglement ass dat iwwer Horaires et programmes, wat äusserst schwiereg ass an dofir nach an der Ausaarbechtung ass.

Soll een elo e Plan sectoriel erstellen? Et kann een iwwer alles nodenken. Ech mengen dat Wichtegst ass, datt mer eis elo emol an dëser Phas nach festegen an déi Reglementer, déi nach opstinn, maachen, dann déi Bestandsopnahm déi gefuerdert ass, déi net esou schwiereg ass ze maachen, well d'Donnéeë sinn alleguerten do.

Ech géif awer och vläicht deen Effort, dee vu jiddferengem hei gemaach ginn ass, wëllen ervirgestrach gesinn. Dës Debatt, déi soll net ausschliesslech eng Finanzdebatt sinn an als dat dobaussen duerchkommen.

M. le Président.- Här Scheuer.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Dierf ech eng Fro stellen?

M. le Président.- Jo.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Fir d'éischt emol, Madame Minister, huet d'LSAP keng Interpellatioun ugefrot, mä mir hu schäbeg zéng Minutten zougestane kritt an enger Heure d'actualité. Fir dat emol kloer ze stellen. An zéng Minutte schwätzt een net iwwert d'Bienfaitë vun deem Gesetz - et deet mer Leed, dass dat net geschitt ass -, iwwert d'Personal, dass d'Plaze geschafe gi sinn. Awer et huet och keen iwwert d'Erhéijung vum Niveau geschwat, déi am Laf vun deene leschte fënnef Joer am musikalesche Beräich zu Lëtzebuerg stattfonnt huet.

Mä ech wollt Iech d'Fro stellen, Dir hutt gesot, déi Leit, déi hätten eng fest Aarbechtsplaz kritt. Déi Chargés de cours, dat sinn nach ëmmer déi, déi esou mann assuréiert sinn, wéi kaum een aneren deen am Secteur public schafft. Déi sinn an der Mille vum Fonctionnariat vun den Employés communaux, vun den Employés privés, a si hunn nach ëmmer Contrats à durée déterminée, wou d'Gemengen net wësse wéi se sech sollen uleeë fir een dee véier Stonnen huet an iergendengem bestëmmten Instrument, fir deem seng Aarbechtsplaz ze sécuriséieren. Da geet dat iwwert d'UGDA, wann et net iwwert d'Musiksschoule geet. Wéi évoluéiert de Statut vun de Chargés de cours?

An dat anert, wat Dir gesot hutt, lechternach an Diddeleng, do stellen ech Iech dann d'Fro, Madame Minister: Wat fir eng Schoul entsprécht éischter Ärem Bild vun enger excellenter Musikschoul? Ass dat den Diddelenger Modell oder ass dat den lechternacher Modell, wou déi lechternacher 25 Gemenge mat betreien, wat en zousätzleche Coût bedeit, deen déi Diddelenger Schoul net huet, an dee mir net rémunéréiert kréien?

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Beim Personal hu mer natierlech d'Problematik, déi ech net wëll weider ausbauen, wéi gemengeniwwergräifend fest Poste geschafe kënne ginn.

Kann eng Gemeng een hallef à durée indéterminée astellen? Dann ass em net gehollef, well de Revenu net héich genuch ass, an dofir ass déi Fro vun de Syndikater, vun der Form a vun der Struktur tëschent de Gemenge wichteg, an dofir ginn ech och elo dem Innenminister d'Wuert. Dir verstitt jo, dass ech op déi zweet Fro net äntweren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Innenminister Michel Wolter.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Här President, ganz kuerz fir nach e puer Gedanke vu menger Säit aus anzebréngen.

Och wann den Här Scheuer nëmmen zéng Minutten hat, schäbeg zéng Minutte wéi e gesot huet, fir seng Heure d'actualité anzeleeden, kann ee schäbeg zéng Minutte mat engem gudden Inhalt fëllen, oder et kann ee se mat engem schäbegen Inhalt fëllen.

Ech fannen dass déi Froen, déi den Här Scheuer hei gestallt huet, gewisen hunn, dass den Här Scheuer ganz wéineg preparéiert war wéi en de Moien heihinner komm ass. En huet jo dofir selwer héchstwahrscheinlech a senger Introductioun gesot, et misst een e richtegen Débat de suivi féieren, wou ee sech da kéint preparéiere fir de Bilan ze zéie vun dem Gesetz.

Dir hätt Iech nämlech och kënnen d'Fro stellen, Här Scheuer,…

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Dir waart deemols dobäi wéi d'Gesetz gemaach ginn ass. Dir hutt deemools blockéiert. Dir hutt gemauert deemools.

M. le Président.- Här Scheuer, loosst emol den Här Minister schwätzen.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Et ass parole après ministre.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Ech war deemools dobäi, well ech Innenminister war, an ech sinn och elo nach Innenminister, an Dir wäert relativ séier gesinn, dass mir zu deem Projet do stinn an dass dat och ee gudde Projet war, dee mer deemools gemaach hunn. Dir hutt entre-temps d'Säiten an domat héchstwahrscheinlech och d'Meenung changéiert zu deem Projet.

Dat Gesetz, Här Scheuer, dat hat dräi wesentlech Punkten. Et hat dee vun der Harmonisatioun. Et steet d'ailleurs am Intitulé vum Gesetz: harmoniser. Dat heescht, allgemeng gülteg Kritären iwwert de gesamte Secteur setzen. Da kann een net heihinner kommen an den Artikel 2, dee preziséiert wéi déi Harmonisatioun soll ausgesinn, kritiséieren, oder et muss ee soen, mir sinn haut mat deem But vum Gesetz, wat d'Harmonisatioun war, net méi d'accord, mir hätte gären dass jiddfereen den Enseignement musical no senge Regelen oder sengem Gutdünken op gemengepolitieschem Niveau kann organiséieren. Mä wann Dir dat net wëllt, da kënnt Dir och net heihinner kommen a géint de Prinzip vun der Harmonisatioun wetteren, esou wéi Dir dat virdru gemaach hutt.

***(Interruption)***

Ech hat dat just net esou héieren.

Den zweete Volet, déi sozial Ofsécherung vun de Chargéën, war e wesentlecht Element vun deem Projet. D'Madame Hennicot ass dorobber agaangen, ech brauch net weider dorobber anzegoen. Ech ginn och net op déi onsäglech Diskussioun an, déi mer haten, ob mer de Chargéen e Contrat à durée déterminée oder indéterminée sollte ginn, wou vun der geballter Kraaft vun de Gemengen zum Deel de Widderstand komm ass fir deene Leit e Contrat à durée indéterminée ze ginn. Ech renvoyéieren do op d'Prise de position, déi mer notamment vum SYVICOL kritt hu virum Vote vum Gesetz, an da kann een net elo heihinner kommen a maache wéi wann déi Leit an enger précairer Situatioun gewiescht wären, wann ee selwer dozou bäigedroen huet, dass am Gesetz eng Regelung fonnt ginn ass, déi probéiert huet op där enger Säit d'Ofsécherung an op där anerer Säit och d'Intérête vun de Gemengen, déi deemools ganz present waren an där Diskussioun, sécher ze stellen.

Déi drëtt Fro ass déi vum Finanzement. Do muss ee sech dann iergendwann eng Kéier eens ginn, wat den Enseignement musical ass. Mir hunn am Gesetz vun 1998 gesot, et wär eng Attribution communale. Elo kann ee soen, mir sinn der Meenung et ass keng Attribution communale. Da renvoyéieren ech op dat wat den Här Gibéryen gesot huet, well notamment ee vun de Grënn vum Gesetz vun 1998, firwat dass et eng Attribution communale ass, waren déi Saachen déi hie gesot huet. D'Nähe zu de Musiksveräiner, de Fait dass een op lokalem Niveau dat besser kéint koordinéieren tëschent Musiksschoul a Musiksveräiner an all deenen Organisatiounen déi ronderëm sinn.

An da geet de Stat hin a seet, mir hëllefen dobäi. Am Prinzip, wa mer no der renger Léier ginn, déi mir jo elo sollen aféieren am Débat Etat-communes, misst ee jo soen, wann eng Kompetenz an engem gewëssenen Domän ass, dann ass déi Kompetenz och duerch deen Niveau ze finanzéieren. An der renger Logik misst ee soen: Enseignement musical - domaine communal. Den Domaine communal bezilt den Enseignement. Soe mer neen, a mir sinn higaangen, well mer jo gesinn hunn, dass an deem Gesetz eng Rei vun Ännerunge waren, a ginn een Drëttel, net zwee Drëttel, Subsid vum Stat bäi an deen Enseignement. Mir sinn der Meenung, dass dat en ugemiessenen Niveau ass. Mir kréien am Gesamtpak vun Etat-communes d'Geleeënheet heiriwwer ze diskutéieren.

An da si mer higaangen, well mer nämlech keng Eenegung fonnt hunn tëschent de Gemengen, well d'Gemenge während 20 Joren net à même ware fir sech esou ze organiséieren, dass mer flächendeckend iwwert d'ganzt Land en Enseignement musical hätten, wat mer haut elo lues a lues op verschiddene Plazen duerch dat Gesetz hei awer och elo kritt hunn, da gi mer hin a maachen eng Péréquatioun.

Ech hu virun 1998 x-mol d'Ronn gemaach, och de SYVICOL huet d'Ronn gemaach, fir derfir ze suergen dass tëschent deene Gemengen, déi eng Musiksschoul hätten, an deene Gemengen, déi keng Museksschoul hätten an déi hir Schüler an déi Gemenge géife schécken, wou eng Museksschoul wier, dass do eng Péréquation volontaire géif stattfannen, datt sech iwwer e Schema gëeegent géif ginn am Gemengesecteur, nodeem e Schüler, deen aus enger Gemeng X ass an an eng Gemeng Y an e Cours geet, dass do déi Gemeng Y vun der Gemeng X bezuelt géif ginn.

Fir dat erbäizezéien, dat war net méiglech, wéi et d'ailleurs haut op ganz villen aneren Domäner och nach net méiglech ass, fir déi Kooperatioun tëschent Gemengen, déi op villen anere Punkten awer ugemahnt gëtt, an d'Realitéit ëmzesetzen.

An dofir si mer am Gesetz vun 1998 higaangen a mir hu gesot, mir maachen een zweeten Drëttel Péréquation entre les communes, fir sécher ze stellen, op mannst zu engem Deel, dass déi Gemengen, déi kee Museksunterrecht ubidden, dass déi dann awer zum Finanzement vun deem Ganzen bäidroen. Obscho mer dat natierlech net individuell pro Elève a pro Gemeng da kënne maachen, maache mer déi Péréquation entre communes, wou mer en Drëttel vun der Zomm dréine loossen a wou mer dat dann awer domadder op iergend eng Aart a Weis sécher stellen.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Déi aner droen zweemol bäi.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Jo, déi aner droen zweemol bäi. Här Scheuer, Autonomie communale, dat heescht awer och iergendwann eng Kéier eppes. Autonomie communale heescht och, dass ee sech dann iergend wann eng Kéier tëschent de Gemenge muss eens ginn, wann et ëm de Refinanzement vun den Aktivitéite geet, déi een am Gemengesecteur wëll maachen.

An ech soen Iech, wa mer am Etat-communes op eng Rei vun aner Domäner komme wou mer gären hätten, dass méi regional géif zesumme geschafft ginn, wou déi sechs Regioune solle mat Inhalt gefëllt ginn, da kréie mer där doter Domäner nach ganz vill, wou mer herno musse kucken, wéi maache mer d'Opdeelung vun de Käschten tëschent där Gemeng, déi dann an der Regioun e gewëssene Service ubitt, an deenen anere Gemengen, déi mat hire Bierger dovunner kënne profitéieren an deeselwechten Investissement net méi kënne maachen oder net méi brauchen ze maachen.

Dat hei ass ee Beispill vun e puer, wat mech zur Konklusioun komme léisst, dass mer vläicht à l'heure actuelle nach net do si wou mer misste sinn, wa mer gären iwwer aner Saachen diskutéieren.

***(Interruption)***

Dat geet net esou einfach iwwer e Fonds régional. An da wann Der kuckt, de Plan sectoriel - moi j'ai pas de problème -, ech hat ëmmer gemengt dass et méiglech misst sinn ënner Gemengen esou e Plan sectoriel ze maachen. Wann ee sech iwwer eng Kompetenz eens ass - an hei soe mer et ass d'Compétence communale -, da misst et méiglech sinn dass déi eenzel Museksschoulen ënnert eneen, an déi eenzel Gemengen, déi dann an de Museksschoule regruppéiert sinn, dat matenee kéinte maachen - an d'Madame Hennicot och. Mir verwieren eis awer net fir esou eppes ze maachen. Do stelle sech dann awer ëmmer déiselwecht Froen, nämlech déi, déi ech virdrun opgesot hunn.

A schlussendlech muss ee soen: Ass et eng Mission facultative oder ass et eng Mission obligatoire? Mir waren 1998 der Meenung dass et eng Mission facultative wier, dat heescht dass mer d'Gemengen net kéinten zwénge fir deen Unterrecht unzebidden, dofir entfält och a mengen Ae villes vun deem wat Dir gesot hutt, wann Dir sot, jo wat kascht deen ee Cours, wat kascht deen anere Cours, wann ee kënnt deen nach gären dëse Cours hätt oder deen anere Cours hätt. Mir sinn an der Logik vum Gesetz vun 1998 an enger Situatioun wou d'Gemenge mussen décidéieren, compte tenu vun de finanzielle Moyenen déi si bereet sinn an den Enseignement musical ze setzen, dass si décidéiere wat fir een Enseignement dass se ubidden, wat si bereet sinn dass et si selwer kascht.

***(Interruption)***

Dat ass d'Gesetz vun 1998.

***(Interruption)***

Jo, Dir sidd der Meenung et ass e Problème national, d'Gesetz ass der Meenung dass et eng Mission facultative ass vun de Gemengen.

Ech widdersetze mech awer net am Débat Etat-communes, dass mer soen et gëtt eng Mission obligatoire. Mir mussen dat also ubidden. Wa mer dat mussen ubidden, renvoyéieren ech awer op déi Diskussioune vu virdrun, well wa mer et ubidden, da musse mer eis och d'Strukture ginn, fir sécher ze stellen dass dann all Gemeng et ubitt. Dat kéint a mengen Aen um regionalen Niveau an deene Planungsregioune passéieren. Ech wëll awer soen: Et ass awer haut näischt wat d'Gemenge géif dorunner hënneren, fir dat schonn ze maachen.

***(Interruption)***

Se maachen et net. Et sinn eng Rei déi et maachen, mä et geschitt net esou wéi den Här Scheuer dat gären hätt. Dat sinn déi puer Remarquen déi ech dozou wollt soen.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Ech stelle fest, datt den Här Minister et net fäerdeg bruecht huet fir mir ze beweisen, ech wär net virbereet.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir wieren domadder um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Moien ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtten a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 12.12 heures)***

## Sommaire des séances publiques

5055 - Projet de loi relatif à la construction d'un Centre de Musique Amplifiée sur la Friche Industrielle de Belval-Ouest à Esch-sur-Alzette

et

4737 - Proposition de loi portant création d'un établissement public nommé "Centre de créations et d'événements musicaux Janis Joplin" pages 517-527

4959 - Projet de loi portant approbation du Protocole facultatif à la Convention sur l'élimination de toutes les formes de discrimination à l'égard des femmes, adopté par l'Assemblée Générale de l'Organisation des Nations Unies, le 6 octobre 1999

et

4960 - Projet de loi portant approbation de l'amendement au paragraphe 1 de l'article 20 de la Convention sur l'élimination de toutes les formes de discrimination à l'égard des femmes, adopté à la huitième réunion des Etats Parties le 22 mai 1995

pages 527-528

Débat de consultation sur le programme directeur d'aménagement du territoire pages 528-542

Communications page 542

Retrait du rôle du projet de loi 3176 concernant la diffusion d'oeuvres cinématographiques sous forme de supports d'images destinés à la vente ou à la location page 542

Ordre du jour page 542

Déclaration de politique étrangère présentée par Madame Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur pages 542-546

Communication page 546

Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur la position luxembourgeoise dans les discussions européennes concernant la révision de la politique agricole commune pages 546-550
page 553

Heure d'actualité demandée par le groupe ADR au sujet du développement alarmant du chômage au Luxembourg

pages 550-553

Dépôt d'un projet de loi page 552

Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP au sujet de la situation de l'enseignement musical dans les différents ordres du système scolaire, dans les conservatoires, dans les différentes écoles de musique ainsi que dans les associations culturelles

pages 553-557

**Chambre des Députés**

Compte rendu officiel

***Supplément commun aux quotidiens:***
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

***Contenu rédactionnel:***
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

***Conception, saisie de texte et mise en page:***
Polygraphic SA, Luxembourg

***Concept et coordination générale:***
media brain, agence en communication, Luxembourg

# QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

**COMPTE RENDU N° 13 / 2002-2003**

## Sommaire des questions parlementaires


| Question N° | Auteur | Objet |
|---|---|---|
| 2010 | Renée Wagener | Intégration dans la vie professionnelle des personnes souffrant de déficiences |
| 2012 | Jos Scheuer | Dommages causés par les inondations aux infrastructures privées et communales |
| 2013 | Jacques-Yves Henckes | Réaménagement de la Place de l'Etoile à Luxembourg |
| 2015 | Gast Gibéryen | Charte européenne pour les langues régionales ou minoritaires |
| 2016 | Ben Fayot | Construction d'une école européenne à Mamer |
| 2017 | Jean-Pierre Koepp | Transports publics au Nord du pays |
| 2018 | Jean-Pierre Koepp | Pollution de l'eau potable |
| 2019 | Jean-Pierre Koepp | Travaux d'entretiens spéciaux par divers intervenants |
| 2020 | Renée Wagener | "Landesgartenschau" à Trèves |
| 2022 | Renée Wagener | Protection de la substance architecturale |
| 2024 | Renée Wagener | Représentation paritaire au sein de la Cour pénale internationale |
| 2025 | Jean Huss | Répercussions sur l'environnement par l'agrandissement projeté de l'entreprise "Kronospan" |
| 2027 | Marc Zanussi | La distribution des quotidiens luxembourgeois |
| 2028 | Mars Di Bartolomeo | Installation d'un centre de documentation consacré à la galerie Hondsbësch |
| 2029 | Mars Di Bartolomeo | Statut du personnel des établissements publics |
| 2034 | Gusty Graas | Gestion du forfait d'éducation par le Fonds national de solidarité |


Question 2010 (21.1.2003) de Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)* concernant l'intégration dans la vie professionnelle des personnes souffrant de déficiences:

Actuellement, un projet de loi „portant réglementation du travail des personnes handicapées“ est en voie d'élaboration. En 1991 cependant, la loi a déjà introduit des quotas de personnes à déficiences à atteindre par les entreprises.

Est-ce que le respect de ces quotas a été vérifié par une autorité de contrôle? Si oui, quels en ont été les résultats?

De quelles sanctions ont été frappées les entreprises qui ont manqué de se tenir à la loi?

Quels sont l'évolution et l'état actuel du taux d'intégration de ces personnes dans le monde du travail?

Réponse (21.2.2003) de Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse:*

L'article 6 de la loi du 12 novembre 1991 entrée en vigueur le 1er janvier 1992 dispose que: «Les employeurs assujettis à l'obligation d'emploi conformément aux dispositions des paragraphes (1) et (2) de l'article 5 sont tenus de déclarer au service des travailleurs handicapés de l'Administration de l'Emploi, dans un délai de six mois à partir de la mise en vigueur de la présente loi, les emplois à occuper par des personnes handicapées et, le cas échéant, les postes déjà occupés par des handicapés. Après ce délai les postes devenus vacants et les emplois à occuper par des personnes handicapées doivent être signalés immédiatement au service des travailleurs handicapés avec, le cas échéant, une proposition de réemploi d'un autre travailleur handicapé».

Depuis l'entrée en vigueur de la loi du 1er janvier 1992 jusqu'au 30 septembre 2002, le service des travailleurs handicapés de l'Administration de l'Emploi n'a pas encore eu à traiter avec des employeurs refusant de respecter l'obligation légale d'embauche de travailleurs handicapés. Toutefois, au vu de la situation actuelle sur le marché du travail et malgré les efforts investis par les services de placement, 280 personnes handicapées se trouvent en situation de chômage en date du 31 décembre 2002 (dont 1/3 participent à des mesures actives en vue de leur réinsertion professionnelle).

Dans le cadre de l'application de la loi du 25 juillet 2002 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle, le service des travailleurs handicapés de l'Administration de l'Emploi est appelé d'établir depuis le 1er octobre 2002 des rapports sur le respect ou non par l'employeur des obligations d'emploi de travailleurs handicapés.

Quant au respect des quotas, signalons que le recensement établi en 1995 par le service des travailleurs handicapés a démontré que l'Etat, les communes et les établissements publics n'ont pas suffi aux obligations leur incombant en vertu des dispositions de l'article 5 qui disposent: «L'Etat, les communes, les établissements publics et la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois sont tenus d'employer à temps plein des travailleurs reconnus comme travailleurs handicapés, dans la proportion de 5% de l'effectif total de leur personnel occupé en qualité de fonctionnaires ou de salariés liés par un contrat de travail et à condition qu'ils remplissent les conditions générales de formation et d'admission légales ou réglementaires.»

L'article 10 de la même loi stipule qu'en cas de refus d'un employeur du secteur privé d'embaucher le nombre prescrit des handicapés, une taxe de compensation équivalant à 50% du salaire social minimum serait à verser chaque mois au trésor public par ledit employeur. Cette taxe est due aussi longtemps que dure le refus et pour chaque travailleur non embauché.

Quant à l'évolution et l'état actuel du taux d'intégration des personnes handicapées, il y a lieu de préciser que l'évolution globale du nombre de reconnaissances prononcées depuis les 5 dernières années se présente comme suit:

| Année | Reconnaissance au 31.12. |
|---|---|
| 1998 | 1717 |
| 1999 | 1909 |
| 2000 | 2179 |
| 2001 | 2455 |
| 2002 | 2798 |

A l'heure actuelle le service des travailleurs handicapés estime à environ 2/3 le taux d'intégration des travailleurs handicapés reconnus et ce conformément aux dispositions de la loi modifiée du 12 novembre 1991 et actifs dans le monde du travail.

Il est à signaler que conformément aux dispositions de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998, 250 nouveaux postes pour travailleurs handicapés ont pu être créés auprès de l'Etat au cours des 5 dernières années.

Question 2012 (23.1.2003) de M. Jos Scheuer *(LSAP)* concernant les dommages causés par les inondations aux infrastructures privées et communales:

Les inondations en ce début d'année ont provoqué d'importants dégâts. A part les dommages causés aux infrastructures privées et communales, des bâtiments et domaines publics ont également été touchés.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à MM. les Ministres de l'Intérieur et des Finances:

- Est-ce qu'il existe un concept pour protéger les infrastructures et domaines de l'Etat en cas de catastrophes naturelles?
- Qu'en est-il d'un plan de la gestion des risques naturels liés à l'eau pour les bâtiments et domaines publics? Est-ce que le Gouvernement dispose de procédures de gestion de crise clairement définies?
- Quand une crise survient, il est essentiel que les principaux responsables soient avisés le plus rapidement possible. Est-ce que pour chaque bâtiment ou domaine public une équipe de gestion de crise, composée des principaux responsables, est désignée?
- M. le Ministre va-t-il procéder à un examen rétrospectif et ensuite solliciter un audit de la gestion de crise et de son déroulement?

## Q 61

Réponse coordonnée (21.3. 2003) de Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics* et de M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur:*

Mis à part les consignes d'exploitation du Barrage de la Haute Sûre et des barrages de la Moselle il n'existe pas de plan de gestion des risques naturels ou de procédure de gestion de crise spécialement applicables aux dommages causés par des inondations ou d'autres catastrophes naturelles aux bâtiments et domaines publics. L'Etat étant en quelque sorte son propre assureur, il doit remédier aux dégâts causés et la remise en état est donc prise en charge par les crédits figurant dans le budget annuel de l'Etat. Généralement les travaux sont établis en étroite collaboration avec les occupants afin de pallier rapidement aux inconvénients.

Cependant il est tenu compte lors de la conception des différentes infrastructures (pont, routes, barrages,...) dans la mesure du possible et du raisonnable des risques auxquels elles sont exposées, et notamment des dangers qui résultent des hautes eaux. Ainsi le niveau des terres pleines du Port de Mertert dépasse de un mètre le niveau de la crue de décembre 1947. Dans le souci d'augmenter la sécurité des usagers et de la population, la DOA tient également à remédier aux défauts que des équipements existants (qui ont souvent déjà un certain âge) peuvent présenter. En outre, la DOA a aux endroits critiques (Esch sur Sûre, Rosport et Mertert) des agents (de la carrière du cantonnier) sur place qui ont des connaissances particulières et qui peuvent intervenir en cas de besoin avec leurs équipes dans des délais très courts.

Le système de préalerte des crues ainsi que les plans de gestion de crise mis en place et gérés par le Service national de la Protection civile en cas d'inondations n'opèrent aucune distinction entre les infrastructures privées et publiques, étatiques ou communales. Pareille distinction n'aurait, à mon avis, aucune raison d'être alors qu'il s'agit, en cas de catastrophe naturelle, de réagir au plus pressant et de prendre les mesures adaptées à la situation, sans égard au statut de la propriété sinistrée et de ses habitants.

Pour ce qui est des examens rétrospectifs des interventions des services de secours, il va sans dire que toutes les équipes impliquées dans la gestion d'une crise naturelle ou autre se doivent de procéder à l'issue d'une intervention à un «débriefing» et à une analyse objective des forces et des faiblesses de leur action.

J'aimerais enfin rappeler à M. le Député qu'il appartient aux autorités communales de «prévenir par les précautions convenables (…) les accidents et les fléaux calamiteux» (Art. 3 décret des 16-24 août 1790 sur l'organisation judiciaire), donc également les inondations et les autres accidents naturels. Si l'Etat peut prêter son concours à la mise en œuvre de mesures de protection contre les crues, il revient aux communes d'initier les projets en cause.

Question 2013 (23.1.2003) de M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)* concernant le réaménagement de la Place de l'Etoile à Luxembourg:

Zënter 1999 lafen d'Aarbechten, fir d'Stäreplaz an der Stad nei ze gestalten. An der Zeitung war elo ze liesen, datt de Stat déi néideg Bauplazen nach net alleguerte konnt opkafen. Een Deel vun dëse Bauplaze gehéieren anscheinend engem private Promoteur mat deem de Stat bis elo nach keng Eenegung fonnt huet.

Sou laang an dëser Affaire keng Eenegung fonnt gëtt, kann de Projet vun der Ëmgestaltung vun der Stäreplaz awer net realiséiert ginn.

Kann d'Mme Minister mer duerfir dës Froe beäntwerten:

1. Wouranner besteet de Sträit tëschent dem Stat an dem private Promoteur?
2. Wat ënnerhëllt de Stat, fir de Sträit an déi eventuel Problemer bäizeleen?
3. Wéini gedenkt de Stat déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen, fir de Projet vun der Neigestaltung vun der Stäreplaz ze realiséieren?

Réponse (11.2.2003) de M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget:*

1. Et geet ëm de Präiss, d'Gréisst vum Areal, an den Zäitraum an d'Garantië vun der Bebauung.
2. D'Verhandlunge gi weider; béid Parteie sichen eng Léisung.
3. Dat ass schwéier soen, mä d'Regierung hofft esou schnell ewéi méiglech ofzeschléissen.

Question 2015 (23.1.2003) de M. Gast Gibéryen *(ADR)* concernant la Charte européenne pour les langues régionales ou minoritaires:

De 25. Oktober 2002 huet d'Regierung e Gesetzesprojet déposéiert, fir déi europäesch Charte iwwert d'regional a minoritär Sproochen, déi de 5. November 2002 zu Stroossbuerg ënnerschriwwe ginn ass an zënter dem 1. März 1998 a Kraaft ass, ze ratifizéieren. Dës Charte, déi mëttlerweil vun 29 Länner ënnerschriwwen an dovunner vu 17 ratifizéiert gouf, huet als Zil déi regional a minoritär Sproochen als Bestanddeel vum kulturelle Räichtum vun Europa souwuel am öffentlechen, wéi och am private Liewen unzeerkennen an ze schützen.

Och wa Lëtzebuerg net direkt vun dëser Charte betraff ass, sou ass se interessant virum Hannergrond vun de lëtzebuergeschsproochege Minoritéiten an der Belsch, a Frankräich an an Däitschland. D'Mme Kulturminister huet an der Äntwert op meng parlamentaresch Fro vum 1. Februar 2002 gesot, datt Lëtzebuerg d'Iwwerliewe vun der Lëtzebuerger Sprooch am Ausland ënnerstëtzt *(cf. compte rendu N°5/2001-2002)*.

Den Artikel 14 vun der Charte gesäit vir, datt déi verschidde Vertragslänner mat deene Länner wou déiselwecht oder ähnlech Sprooch geschwat gëtt, bilateral oder multilateral Ofkomme schléissen, fir d'Kontakter tëschent de Leit, déi déiselwecht Sprooch schwätzen, ze favorisëieren. Dëst an de Beräicher Kultur, Enseignement, Informatioun a beruflech Ausbildung. Doniewend muss am Intérêt vun de regionalen a minoritäre Sproochen d'grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht um regionalen a lokale Niveau erliichtert ginn.

An dësem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un d'Mme Minister:

1) Huet Lëtzebuerg schonns bilateral oder multilateral Ofkomme mat de Nopeschlänner an de Beräicher wéi se am Artikel 14 vun der Charte vu Stroossbuerg vum 5. November 1992 virgeschriwwe ginn? A wa jo, a wat fir enge Beräicher a mat wat fir Länner?

2) Wa neen, gedenkt d'Regierung der Opfuerderung vum Artikel 14 nozekommen? Wa jo, a wéi enger Form, a wéi enge Beräicher a mat wat fir Länner?

3) Wéi gedenkt d'Regierung am Intérêt vun der Lëtzebuerger Sprooch déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht um regionalen a lokalen Niveau ze gestalten? Sinn do schonns Initiative geplangt a wa jo wat fir eng?

Réponse (24.2.2003) de Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche:*

(1) Op formellem Niveau muss Folgendes festgestallt ginn: d'europäesch Charte N°148 vum 5. November 1992 iwwert d'Regional- a Minoritéitesproochen ass bis haut vun 29 Länner ënnerschriwwen a vu 17 Länner ratifizéiert ginn.

Wat d'Ënnerschréft betrëfft, hu vun eisen Nopeschlänner bis elo nëmme Frankräich an Däitschland ënnerschriwwen. Ratifizéiert gouf dës Charte vum Nopeschland Däitschland. Belgien huet d'Charte bis haut weder ënnerschriwwen nach ratifizéiert. Lëtzebuerg huet duerch seng Ënnerschréft de 5. November 1992 e kloert Signal gesat, datt et sech der Situatioun vun de grenziwwerschreidende Sproochkontakter bewosst ass.

Wéi an der Resolutioun vun den Häre Gast Gibéryen a Marcel Glesener vum 18. Abrëll 2002, déi méi spezifesch eise belschen Noper betrëfft, festgehal ass, si mir als Nationalsprooch net vun alle Punkte vun dëser Charte concernéiert.

(2) Iwwert dëse formellen Niveau eraus ass Lëtzebuerg schonns ëmmer beméit gewiescht, gutt Kontakter mat eisen Nopeschlänner, an an dësem Fall ganz speziell mat eisen Nopeschregiounen ze fleegen.

- Zënter Joren, wann net Jorzéngten, gi vu Lëtzebuerg Kulturofkommen, ënnert anerem mat eise Nopeschlänner, an d'Praxis ëmgesat. An dësen Accorden ass ëmmer eng Plaz fir d'Sprooch virgesinn. Dat geschitt ënnert anerem a Form vun Aktivitéitsstrukture wéi d'Schafe vu gemeinsamen Austauschprogrammer, den Echange vu Literatur, Studenteboursen, Universitéitscoursen asw. Dozou gehéiert natierlech besonnesch den Echange tëschent kulturellen Institutiounen. Souwuel op europäeschem wéi op nationalem Niveau engagéiert sech Lëtzebuerg intensiv am interregionalen Austausch.

- Dësen Austausch bezitt sech net eleng op eis Nationalsprooch. Sou wéi bei anere groussregionale Projeten, z.B. d'"'INTERREG"-Programmer, versicht d'Regirung iwwer eng ethnolinguistesch Approche eraus, en interkulturellen Dialog ze promovéieren. Grad den „INTERREG"-Projet mat sengem Slogan „Passé commun, Identité commune" definéiert kloer de Kader, an deem Lëtzebuerg sech iwwer seng Nationalgrenzen eraus als Deel vun enger Groussregioun versteet.

- Gläichzäiteg presidéiert Lëtzebuerg den Aarbechtsgrupp: „Affaires culturelles" an der Groussregioun. Dëse Grupp koordinéiert zënter méi ewéi zéng Joer bilateral a multilateral Projeten op interregionalem Niveau.

- D'Preparativen op d'Kulturjoer 2007, dat ënnert dem Motto „Groussregioun" lafe soll, weist an aller Däitlechkeet, wéi de Kulturministère sech an den nächste Joren an der Groussregioun positionéiere wëll. Als geographeschen Zentrum vun der Groussregioun huet sech Lëtzebuerg als dreiwend Kraaft fir all Synergien erwisen.

(3) Dës Synergië bezéie sech och op déi dräi Sproochen, déi souwuel an der Groussregioun wéi hei zu Lëtzebuerg geschwat ginn. De Kulturministère promovéiert an dësem Sënn all Initiative, ënner anerem den Echange vun de Bibliothéiken an de Kulturinstituter.

- Wat d'Bibliothéiken ubelaangt, esou existéieren excellent Echangen tëschent dem Ministère an den Universitéiten Tréier, Oldenburg, Saarbrécken a Metz, grad sou wéi mat der „Bibliothèque provinciale" zu Marche-en-Famenne. Dës Echangë concernéieren eis Luxemburgensia, déi sech selbstverständlech an deenen dräi Sprooche Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch versteet.

- Dobäi kommen ons Partenariate mat kulturelle Manifestatioune wéi d"'Kinder- und Jugendbuchmesse" zu Saarbrécken, den „Eté du livre" zu Metz, d"KIBUM" zu Oldenburg an de „Livre sur la place" zu Nanzeg.

- Zu Sankt Veit ënnerstëtzt de Ministère zanter Joren eng grenziwwerschreidend Publikatioun: d'däitschsproocheg Literaturzäitschréft „Krautgarten", déi souwuel lëtzebuergesch wéi belsch oder och däitsch Auteuren an hire Säite presentéiert.

- Net ze vergiessen ass d"Fête des langues et des cultures", déi all zwee Joer zu Lëtzebuerg ofgehale gëtt. Dës Manifestatioun huet e groussen Impakt op eis Noperen, wat d'Zuele vun de Visiteuren aus de Grenzregioune beweisen.

- Am Kader vun der interinstitutioneller Kooperatioun gi regelméisseg Ausstellungen organiséiert. Sou hu mer z.B. am Hierscht 2002 mat groussem Erfolleg d'Bicherausstellung „Les deux Luxembourg" zu Marche-en-Famenne an zu Arel organiséiert, an dat an Zesummenaarbecht mam Mierscher Literaturarchiv, der Nationalbibliothéik an der „Bibliothèque provinciale" vu Marche.

- Doriwwer eraus gi regelméisseg Lektüre vu Lëtzebuerger Auteuren an deenen dräi Sproochen Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch organiséiert.

- Schliesslech wëll ech nach drop hiweisen, datt ech de leschten 28. Januar op der Faculté de Philosophie et Lettres des Facultés Universitaires de Namur eng chaire de langue et de culture luxembourgeoises konnt aweien.

(4) Mir wëssen alleguer, datt eis Sprooch vu groussem Intérêt ass fir déi zeg dausende Frontalieren, déi Dag fir Dag bei eis an d'Land schaffe kommen. Schonn an der viregter Legislaturperiod hunn ech dësem Phenomeen Rechnung gedroen, an deem ech Programmer initiéiert hunn, déi dëser Notro entspriechen.

Aus dëser Presentatioun gesäit een däitlech, wéi facetteräich déi interregional Zesummenaarbecht an deene leschte Joren opgebaut ginn ass, an dat a vollem Respekt virun der Souveränitéit vun eisen Noperen.

Question 2016 (23.1.2003) de M. Ben Fayot *(LSAP)* concernant la construction d'une école européenne à Mamer:

Depuis le Conseil européen de Copenhague les 12 et 13 décembre 2002, l'élargissement de l'Union européenne est un fait acquis. Il convient dès lors de se préparer aux échéances futures dont certaines se situent en 2003 (recrutement de nouveaux fonctionnaires) et en 2004 (adhésion de dix nouveaux Etats membres).

Quelque 3.000 fonctionnaires européens nouveaux sont attendus à Luxembourg dans les prochaines années du fait de l'élargissement. Il est entendu que la politique du siège du Gouvernement concerne la défense des services installés à Luxembourg, mais qu'elle doit aussi créer les conditions de travail et les infrastructures nécessaires pour accueillir de façon convenable les nouveaux fonctionnaires.

Aussi le Conseil de Gouvernement a-t-il décidé, il y a un an, de faire construire une deuxième école européenne à Mamer. Mme le Ministre peut-elle me dire où en sont les travaux préparatoires (acquisition du terrain, projet de loi) pour cette école et dans quel délai celle-ci doit être prête étant donné l'arrivée prévue de nouveaux fonctionnaires et de leurs familles à Luxembourg?

Par ailleurs, j'aimerais savoir où en sont les projets pour une nouvelle crèche destinée au personnel des institutions européennes au Kirchberg?

Réponse (4.2.2003) de Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics:*

Concernant la construction d'une deuxième école européenne, je renvoie à la réponse conjointe de Mme le Ministre de l'Education nationale et de moi-même à la question parlementaire N°1921 de M. le Député Marc Zanussi *(cf. compte rendu N°9/2002-2003)*.

Quant au projet pour une nouvelle crèche destinée au personnel des institutions européennes au Kirchberg, il y a lieu de signaler que les plans afférents ont été déposés auprès des services de l'administration communale de la ville de Luxembourg en vue de l'obtention de l'autorisation de bâtir.

Question 2017 (24.1.2003) de M. Jean-Pierre Koepp *(ADR)* concernant les transports publics au Nord du pays:

D'Restaurateuren aus dem Norde vum Land sinn un engem Ausbau vum öffentleche Persounentransport (RGTR-Linnen), speziell sonndes, interesséiert. An dësem Kontext hunn d'Restaurateuren de Wonsch, datt sonndes wéi feierdags niewent der Zuchlinn och eng Buslinn am Eislek zur Verfügung gestallt gëtt. Déi kënnt, niewent den Uertschaften déi direkt un der Zuchlinn leien, och aner Uertschafte bedéngen. Mat esou enger Offerte hätten d'Leit wesentlech méi Méiglechkeeten, fir hire fräien Dag kënnen ze gestalten an dëst kënnt ganz sécherlech och dem Gastronomiesecteur zegutt.

Zu Ettelbréck hält sonndes wéi feierdags ee „Bummler" am Stonnentakt (25') wéi och ee Schnellzuch (39') deen aus der Stad kënnt. Ëmgekéiert fueren och zwee Zich am Stonnentakt (21' a 35') an d'Stad (de Schnellzuch huet och Verbindung zum Ausland).

An dësem Kontext hätt ech folgend Fro un den Här Minister:

Wéi ass dem Här Minister seng Astellung, fir sonndes wéi feierdags vun Ettelbréck aus e Bus, deen op dës Zuchlinnen ofgestëmmt ass, vläicht am Stonnentakt iwwert den Haapttrajet (Ettelbréck, Dikrech, Wämperhaart an erëm zréck iwwer Pommerlach-Ettelbréck) duerch d'Eislek fueren ze loossen?

Réponse (6.3.2003) de M. Henri Grethen, *Ministre des Transports:*

Den öffentlechen Transport ass sonndes, besonnesch um Land, net weider ausgebaut.

Do wou hien ugebuede gëtt, do gëtt hien awer och meeschtens wéineg benotzt, an dat, well d'Leit sonndes meeschtens aner Gewunnechten an Ziler hunn.

Et ass also wichteg, datt d'Organisateure vum öffentlechen Transport déi Ziler kennen, fir datt si d'Servicer dorobber ausriichte kënnen.

Ier deemno de Virschlag vum Här Deputéierte Koepp, 20 Uertschaften (vu méi wéi 150) am Norden e Sonndesservice mat Bussen unzebidden, ka realiséiert ginn, solle vu Säite vun de Gemengen Initiativë geholl ginn, datt déi néideg Informatiounen iwwert d'Wënsch vun allen interesséierte Leit zesummmegedroe ginn.

Ech si gäre bereet, uschléissend op dës Wënsch ze reagéieren.

Question 2018 (24.1.2003) de M. Jean-Pierre Koepp *(ADR)* concernant la pollution de l'eau potable:

A leschter Zäit heefe sech d'Meldungen an der Presse, datt a verschidden Uertschaften d'Leit, während enger gewësser Zeit, d'Leitungswasser op wéinegstens 10 Minutten sollen ofkachen ier se et drénke resp. et gëtt ofgeroden d'Geméiss an d'Uebst, wat réi giess gëtt, domat ze wäschen.

Viru Joeen huet ee kaum sou Meldungen an der Presse kënnen héieren oder liesen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1.) Ëm wat fir Veronrengungen handelt et sech haaptsächlech, a wat ass de geneeë Grond fir dës ëmmer méi heefeg virkommend Veronrengungen am Drénkwasser?

2.) Wat kéinten d'Gemengen ënnerhuelen, fir dës Problematik an de Gréff ze kréien?

Réponse (4.3.2003) de M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur:*

Il m'importe d'emblée d'attirer l'attention de M. le Député Jean-Pierre Koepp sur le fait que plusieurs des points qu'il soulève dans sa question parlementaire ont également fait l'objet de la question parlementaire N°1847 de M. le Député Jos Scheuer et de ma réponse y afférente *(cf. compte rendu N°1/2002-2003)*.

Rappelons que la qualité hygiénique d'une eau potable est déterminée, d'une part, par ses caractéristiques chimiques et, d'autre part, par ses caractéristiques bactériologiques. Les récentes pollutions de l'eau potable ont toujours eu comme origine une contamination bactérienne des eaux d'alimentation.

Plusieurs causes de différente nature ont été à l'origine des contaminations constatées récemment: ainsi, dans un cas, des travaux sur le réseau de distribution n'avaient pas été exécutés avec les précautions nécessaires et ont mené à une contamination bactérienne de l'eau; dans un autre cas, la contamination a trouvé son origine dans une rentrée directe d'eau de surface par une gaine technique dans une partie de l'infrastructure d'adduction.

Dans la majorité des cas cependant, le point de départ de la contamination bactérienne est lié à la ressource elle-même. En effet, beaucoup des captages ont été construits au début ou en tout cas dans la première moitié du siècle passé et sont dès lors caractérisés par une infrastructure vieillissante. Ce fait se traduit tant par la présence de fissures dans l'édifice que par la faible couche de protection résiduelle dans la zone fissurée de la roche en amont direct du captage. Il s'ensuit que des infiltrations d'eau de surface peuvent avoir lieu à l'intérieur - même des captages et y provoquer des pollutions bactériennes de l'eau captée. Ce phénomène se manifeste tout particulièrement en périodes de pluies intenses telles que nous les connaissons depuis les deux dernières années.

En ce qui concerne les moyens à mettre en œuvre par les autorités communales pour la maîtrise de cette problématique, je signale à M. le Député Jean-Pierre Koepp que le nouveau règlement grand-ducal du 7 octobre 2002 relatif à la qualité des eaux destinées à la consommation humaine (Mém. A, N°115, 2002) oblige les distributeurs d'eau, donc les communes, à soumettre leur infrastructure d'approvisionnement à un audit de qualité et d'élaborer un dossier technique qui retrace tout le parcours de l'eau, de la ressource jusqu'au robinet du consommateur. Les points sensibles et critiques de l'infrastructure seront repérés pour ensuite être éliminés, ce qui permettra d'améliorer sensiblement la protection du consommateur.

Il convient également de remarquer que la fourniture de l'eau potable est devenue un secteur d'activité extrêmement complexe et technique. Aussi, le Ministère de l'Intérieur est en train d'examiner, dans le cadre d'une réflexion de fond concernant la politique de l'eau au Luxembourg, si les structures actuelles, avec un très grand nombre de petites communes autonomes qui font elles-mêmes la gestion de leur réseau de distribution, restent adaptées aux exigences très strictes garantissant une sécurité à toute épreuve pour le consommateur.

Question 2019 (24.1.2003) de M. Jean-Pierre Koepp *(ADR)* concernant les travaux d'entretiens spéciaux par divers intervenants:

Ausserhalb vun den normalen Aarbechtsstonnen kënnt et oft vir, datt op de Statsstroossen muss verschiddentlich intervenéiert ginn, z.B. bei Stuerm wann et heescht ëmgefale Beem ewechzeraumen oder awer wa Mazout op der Strooss verluer gouf, da muss dësen opgebotzt ginn. Nun ass awer net ganz kloer, wien dës Aarbechte soll an dëse Stonnen um Terrain ausféieren. Engersäits ass wuel ee Service vun de Ponts et Chaussées duerfir zoustänneg, anerersäits

Q 62

ginn awer d'Pompjeeën iwwert den 112 fir dës Aarbechte geruff.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madame Ministesch:

1) Kann d'Madame Ministesch mer am eenzelne matdeelen, wéi eng Servicer ausserhalb vun den normalen Aarbechtsstonnen fir wéi eng Aarbechte genee zoustänneg sinn, a wéi d'Prozedur ass?

2) Am Fall wou Mazout duerch d'Pompjeeë vun der Strooss opgebotzt muss ginn, wou ass dëse „Pudder" gelagert a wien ass responsabel fir d'Gérance vun dësem Stock. Wéi ass d'Prozedur vun der Entsuergung am Fall vun engem Asaz vun dësem „Pudder"?

Réponse (13.3.2003) de Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics:*

A) Statsstroossen – R.N. an C.R.

1) An de Wanterméint (November bis Mäerz) sinn all Brigade vu Ponts et Chaussées och ausserhalb vun den normalen Aarbechtsstonnen permanent besat. Eis Leit kënnen also souwuel am Wanterdéngscht, wéi och fir aner Zwëschefäll geruff ginn.

Während deenen anere Méint kontaktéiert d'Zentral 112 oder de CITA déi jeeweileg Préposéë vum Kantonalbetrib, déi dann d'Leit erausschécken, fir ze intervenéieren oder de Pompjeeën ze hëllefen. Dat ass zumools de Fall, wou mat schwéiere Gefierer muss geraumt ginn oder eng Signalisatioun muss opgeriicht ginn, fir eng Statsstrooss ze spären.

2) Pudder gëtt nëmme vun de Pompjeeë gebraucht, fir lokal eng gréisser Quantitéit Ueleg oder Mazout ze bannen. De Pudder suckelt d'Flëssegkeet op, gëtt ewech gekiert an um SIDEC oder soss enger Sondermülldeponie fachgerecht entsuergt. Wa Mazout, Benzin oder Ueleg iwwer eng länger Streck verluer gouf, gëtt vun de Pompjeeën eng spezial Flëssegkeet driwwer gesprëtzt, déi déi Matièren neutraliséiert. Dat sou entstanend Produkt kann dann an d'Kanalisatioun lafe well et onbedenklech ass. Déi zwee Entsuergungsprodukter sinn an dem jeeweilege Pompjeesbau stockéiert an d'Pompjeeë bekëmmere sech och ëm de Stock.

B) Autobunnen

1) Fir d'Autobunnsnetz besteet eng Permanence vun engem Cantonnier an zwee Aarbechter ronderëm d'Auer; dës Equipe intervenéiert bei all Zwëschefall op den Autobunnen.

2) Op den Autobunne gëtt kee Pudder benotzt, fir de Mazout opzehiewen, mä eng flëssegt Léisung, fir d'Verschmotze vum Drainasphalt ze verhënneren. Bei dem Service vun den Autobunnen zu Bartreng leien ëmmer e puer Fässer op Lager. Wann d'Pompjeeë vum 112 geruff ginn an dës Flëssegkeet benotzen, da kréie si se vun de Ponts et Chaussées ersat. Geméinlech awer gräifen d'Ponts et Chaussées selwer mat enger spezieller Kiermaschinn an déi d'Flëssegkeet opdréit, an duerno opsuckelt. Dat opgesuckelt Material gëtt zu Bartreng zwëschegelagert a regelméisseg vu spezialiséierte Firmen op Sondermülldeponien entsuergt.

Question 2020 (28.1.2003) de Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)* concernant la „Landesgartenschau" à Trèves:

Selon un article paru dans le Quotidien du 9 août 2002, le Land allemand de la Rhénanie-Palatinat, plus particulièrement la ville de Trèves, se prépare à organiser la «Landesgartenschau» de 2003, sorte d'exposition horticole ayant lieu chaque année dans un Land différent. L'idée serait de „l'élargir au-delà des frontières du Land" et notamment de coopérer avec le Luxembourg. Apparemment, la ville de Luxembourg est déjà en train d'élaborer des concepts dans cette perspective.

- Est-ce que les instances étatiques participent à l'élaboration de ces plans? Le Luxembourg ayant développé dans les dernières années d'attrayants programmes de mise en valeur de jardins, ne serait-il pas intéressant d'inclure dans le concept d'autres communes luxembourgeoises?
- Ne serait-il pas important de poser ce concept dans un cadre du respect des principes horticoles écologiques?
- Qu'en est-il de l'implication des associations horticoles voire touristiques luxembourgeoises?

Réponse commune (21.3.2003) de M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural* et de M. Charles Goerens, *Ministre de l'Environnement:*

1. Le Gouvernement luxembourgeois n'a pas été demandé officiellement par le «Land allemand» de la Rhénanie-Palatinat pour participer à cet événement.

   La ville de Luxembourg qui entretient des relations étroites de partenariat avec la ville de Trèves participe cependant à cette exposition horticole régionale avec un stand important.

2. Suite à une initiative de l'Administration des Eaux et Forêts et avec le but de promouvoir l'utilisation du bois comme produit écologique dans la Grande Région (Wallonie, Rhénanie-Palatinat, Luxembourg), il a été créé à titre informel un groupe de travail intitulé «Pro Bois - Pro Holz». Ce groupe de travail a l'intention de participer à la «Landesgartenschau» à Trèves. L'administration forestière allemande est en charge de la gestion de ce dossier.

   En ce qui concerne les principes horticoles écologiques, l'Administration des Eaux et Forêts a développé des recherches sur les principes d'aménagement écologique des zones vertes à l'intérieur des agglomérations. Une brochure y relative a été élaborée pour le village de Schuttrange. Il est évident que ces documents pourraient être diffusés à une plus grande échelle.

Iwwert déi Hannerdier ass et méiglech ginn an den Dialog tëschent de Länner och déi legitim Froe vun der Verbesserung vun der Situatioun vum Eenzelnen a vu méi Fräiheet a vu méi Gerechtegkeet anzebauen. No an no huet d'Iddi hire Wee gemaach, datt et esou e Recht wéi dat vun der legitimer Ingérence an d'Affäre vun engem anere Land gi misst, wann et drëm geet d'Situatioun vum Mënsch a vun de Mënscherechter, d'Situatioun vun all Eenzelnem dauerhaft ze verbesseren.

An anere Wierder: Déi Weltgemeinschaft, déi mer nom Krich opgeriicht haten, ënner anerem d'UNO mat hire schéine Prinzipien, huet endlech geschéngt Realitéit ze ginn, well d'Welt sech eens war datt mer elo no deene Prinzipien effektiv iwwerall liewe missten. Alleguerten d'Länner hätten d'Recht fir legitim Froen opzewerfen vun deene Plazen, wou dat nach net de Fall wär, a matzehëllefen, datt an deene Länner no an no d'Realisatioun an de Respekt virun deene Wäerter sech géing duerchsetzen.

An esou war d'Enn vum 20. Jorhonnert effektiv gepräegt vun enger, ech géing bal gäre soen, euphorescher Situatioun, wou mer iwwerzeegt waren, datt duerch d'Ofschafe vum Blockdenken déi Weltcommunautéit, vun där mer virdrun nëmme gewot hunn ze dreemen, sech elo géif realiséieren, an datt all déi Prinzipien, déi mer um Enn vum Zweete Weltkrich an d'Charta vun de Vereenten Natiounen ageschriwwen hunn, sech kënnte realiséieren. Eng Gérance légitime also, mä, an dat ass dat Wichtegst, am Kader vun der internationaler Rechtsuerdnung, esou wéi se vun de Vereenten Natioune verkierpert gëtt.

Mir sinn awer haut, mir mussen dat feststellen, an enger ganz neier Situatioun. Mir si konfrontéiert mat enger eenzeger Supermuecht, déi siegräich aus dem Kale Krich ervirgaangen ass an déi haut an der Situatioun ass fir ganz eleng ze décidéieren, wat an hirem Intérêt ass, wat hir notzt a wéi eng Positioune si vertriede wëll.

An et ass schonn eng Situatioun déi ee ka besuergen, wann den Equiliber vun der Welt esou zu Gonschte vun engem Partner gerëtscht ass, datt zum Beispill seng Militärausgabe méi grouss si wéi déi vun all deenen anere Länner zesummen oder och datt dee Krich, deen elo am Irak gefouert gëtt, Budgetsmoyenen an enger éischter Phas vu 75 Milliarden Dollar zur Verfügung huet, während den Total vun all där Hëllef, déi d'Länner vun dëser Welt opbréngen, fir Situatioune vun deenen Ärmsten ze verbesseren, also de Volume vun der weltwäiter Entwécklungshëllef bei knapp 50 Milliarden Dollar steet.

Et ass och besuergneserreegend, wann net méi am internationalen Dialog an an der Kooperatioun entscheet gëtt, wat fir eis Welt déi richteg Décisioun sollt sinn, mä wann dat unilateral décidéiert ka ginn, an zwar net nëmmen elo fir den Irakkrich, wann e Land kann décidéieren aus engem Vertrag, wéi dem Vertrag vu Kyoto, einfach erauszeklammen, oder der Cour pénale internationale keng Kompetenze wëll zougestoen, oder och d'Regele vum Welthandel, sou wéi se bei der WTO definéiert sinn, eesäiteg a selektiv jee no senger Interesselag interpretéiert.

D'Äntwert op all dës Froen kann nun awer net nëmme si fir hei der amerikanescher Administratioun de Prozess wëllen ze maachen. D'Äntwert kann nëmme sinn, datt Europa gëeent op all dës Erausfuerderunge reagéiert, eng wierklech gemeinsam Positioun definéiert an déi dann och konsequent a mat Nodrock vertrëtt, an net eréischt da wann et ze spéit ass.

Et kënnt also dorop un, datt mer eis all zesummen déi Moyene gi fir eng engagéiert an équilibréiert Politik um internationalen Niveau am Intérêt vun eise Länner, bien entendu, am Intérêt vun der Unioun, am Intérêt awer och vun alle Bierger vun dëser Welt ze maachen. Et hänkt vill dovun of wéi Europa déi Kris, déi mer am Moment erliewen, meeschtere wäert. An et wier op alle Fall falsch elo ze résignéieren an d'Hoffnung op ze ginn. D'Geschicht léiert eis, datt Europa aus all deene Krisen, déi mer duerchgemaach hunn, eigentlech méi staark ervirgaangen ass a sech ëmmer erëm d'Moyene ginn huet fir duerno besser a méi kohärent kënnen ze reagéieren.

Et ass jo och net esou wéi wa mer net ugefaangen hätten eis Méiglechkeete vun enger wierklech gemeinsamer Aussepolitik ze ginn. A mir wären net méi mir selwer, wa mer an der Unioun géifen ophalen op déi Wäerter, déi d'Basis vun Europa duerstellen, ze pochen. Ech denken un Dialog, u Solidaritéit, un déi ethesch Ufuerderungen un d'Politik an un de Primat vum Multilateralismus.

Wann ech soen datt mir Moyenen hu fir mat enger Stëmm an Europa ze agéieren, da verweisen ech lech nëmmen op den Artikel 19 vum Vertrag vun Amsterdam, deen hei ganz kloer ass. Hie seet: «Les Etats membres coordonnent leurs actions au sein des organisations internationales et lors des conférences internationales. Ils décident dans ces enceintes les positions communes.» A weider: «Les Etats membres qui sont aussi membre du Conseil de Sécurité des Nations Unies se concerteront et tiendront les autres membres pleinement informés. Les Etats membres qui sont membre permanent du Conseil de Sécurité veilleront dans l'exercice de leurs fonctions à défendre les positions et les intérêts de l'Union.»

Ech gesti gären an datt dat Bild, wat mer an de leschte Woche ginn hunn, net deem entsprécht zu wat mir eis zu Amsterdam schonn engagéiert hunn, a wat jo duerch d'Aarbechte vun der europäescher Konventioun an déi duerno virgesinne Regierungskonferenz nach verstäerkt an an enger europäescher Verfassung festgeschriwwe soll ginn. Wat ech hei gesot hunn, ass och kee bëllegen Antiamerikanismus. Ech sinn nach ee vun deenen, déi 1944 am September mat kritt hu wéi d'amerikanesch Truppen d'Lonkegerstrooss eropgefuer sinn, dee Schokola ausgedeelt krut a wou se wierklech vu Leit ëmfaange gi sinn, déi erliichtert waren, datt se eis vun deem Joch vum Naziterror befreit hunn.

D'Geschicht léiert eis, datt Europa aus all deene Krisen, déi mer duerchgemaach hunn, eigentlech, wéi gesot, méi staark ervirgaangen ass a sech ëmmer erëm d'Moyene ginn huet fir duerno besser a méi kohärent ze agéieren.

Et geet also lo net drëm fir den Amerikaner, et geet och iwwerhaapt net ëm d'Amerikaner, et geet ëm déi besuergniserreegend Politik vun där heiteger amerikanescher Administratioun, déi jo och am eegene Land, dat muss een och ënnersträichen, net onëmstridden ass. Et geet virun allem drëm wat mir an Europa kënnen a musse maachen, fir zu där geféierlecher Politik an aller Frëndschaft mä och an aller Bestëmmtheet eng echt a crédibel Alternativ ze sinn.

Et kënnt also drop u fir Europa, mat sengem Handlungsspillraum a mat senge Moyenen, effektiv d'Politik ze gestalten, ze stäerken, well dat ass an eisen Aen eng Garantie an och eng Konditioun fir e gutt an effikasst Zesummeschaffen iwwert den Atlantik ewech fir harmonesch euroatlantesch Bezéiungen anzegoen.

Ech wëll dofir och d'Lëtzebuerger Regierung félicitéieren a se opfuerdere fir weiderhin hiert Méiglechst ze maachen, datt an deenen dräi wesentleche Chantieren, déi mer mussen an Ugréff huelen, an déi alleguerten international a multilateral Institutioune betreffen an deene mir Grënnungsmembere sinn, datt also d'Europäesch Unioun, d'NATO an d'Vereenten Natiounen, déi allen dräi Schued gelidden hunn an hirem Fonctionnement an an hirer Crédibilitéit am Zesummenhang mat der Irakkris, datt dëse Schued esou huerteg wéi méiglech reparéiert gëtt, datt mer zu enger eenheetlecher Haltung zréckfannen an datt fir d'Zukunft esou Krise kënne besser gemeeschtert ginn.

Mir hunn e breet Feld vu Gemeinsamkeeten op dat mir kënnen opbauen. Wat den Irak betrëfft, do si mer eis eeneg, an ech kann hei nëmmen der Madame Aussemi-

nister zoustëmmen, datt d'Vereenten Natioune mussen eng zentral Roll iwwerhuele wann et drëm geet d'Suitë vun dësem Konflikt ze meeschteren. Mir sinn eis och eens, wann et ëm de Kampf géint den Terrorissem an d'Prolifératioun vun de Massevernichtungswaffe geet. Mir sinn eis och eens, wann et ëm de Primat vun der multilateraler Approche an den internationale Relatioune geet. Mir sinn eis och eens, wann et ëm déi grouss Wichtegkeet geet, déi mer dem transatlantesche strategeschen Zesummeschaffen an dem Partenariat mat Amerika zoumoossen. A mir sinn eis nawell eens, wann et drëm geet an der Welt d'Wuerzele vum Krich, d'Wuerzele vun der Onrou a vum Terrorissem auszerotten, an dat heescht resolut géint Aarmutt, Krankheet an Ongläichheet virzegoen.

Ech kann also nëmmen am Numm vu menger Fraktioun d'Zoustëmmung ginn zu där konsequenter Haltung mat där d'Lëtzebuerger Regierung, déi viregt esouwuel wéi déi heiteg, derfir gesuergt hunn, datt an dësem globale Kampf Lëtzebuerg e generéisen Deel dozou bäigedroen huet, eng Kontributioun, déi jo och international a bei eise Partner Unerkennung fonnt huet.

Ech kann och d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun bréngen, wann et heescht eise Rôle als Partner bei deene Missiounen ze bréngen, déi, sief et am Kader vun der UNO, sief et am Kader vun der NATO oder och vun der Unioun, fir méi Sécherheet a Stabilitéit an de Kriseregioune vun dëser Welt bäidroen, sief dat mat eisen Zaldoten am Kosovo oder neierdéngs a Mazedonien an am Afghanistan, sief dat mat eise Polizisten am Kader vun hire Missiounen a Bosnien.

Wa mer wierklech wëllen e Beitrag zur Stabilitéit vun dëser Welt leeschten, da musse mer bereet sinn déi Missiounen, déi d'Unioun am Kader vun de Petersberg-Missioune kann agoen, generéis ze interpretéieren an och hei eise Beitrag ze leeschten. Sief et fir d'Sécherheet an d'Effikassiitéit vun eisen eegenen Zaldoten a Polizisten ze garantéieren, sief et fir e Beitrag ze leeschte wou d'Unioun am schwächsten ass, nämlech der Logistik, si mer jo och prinzipiell bei esou Initiativen derbei wéi déi déi elo rezenterweis vun der Belsch, Frankräich, Däitschland an aneren ausgaange sinn, fir iwwer Rüstungskooperatioun ze schwätzen.

Ech géif awer och trotzdeem hei e Wuert vu Warnung soen. Dat soll net nëmmen Aktivissem sinn. Wann ee bedenkt, datt mer engersäits en Accord hunn iwwert d'Petersberg-Missiounen an enger generéiser Interpretatioun, wa mer bedenken, datt mer zënter enger Rei Joren elo Engagementer hunn am Kader vun den Helsinki Headline Goes, wa mer bedenken, datt mer e militäresche Staff entre-temps an der Europäescher Unioun hunn, wa mer bedenken, datt tëschent der Europäescher Unioun an der NATO eng Kooperatiounskonventioun besteet fir sech géigesäiteg bäizestoen an der Ausübung vu militäresche Missiounen, dann hu mer e Grondstack vun esouwuel Institutioune wéi Konventiounen, Engagementer op déi mer mussen opbauen. Loosst mer also oppassen, datt net nei Saachen, déi mer uginn, do nach weider Divisiounen a weider Streidereien erabréngen.

Finalement e Wuert, Här President, zur Konventioun. D'Konventioun huet an engem vun deene Konsensien, déi se erreecht huet, Konsens, dee vläicht am meeschte spektakulär ass, dass ganz séier e Konsens fonnt ginn ass fir d'Persoun vum Kommissär, vum Member vun der Kommissioun, dee sech ëm déi auswäerteg Bezéiunge këmmert, an der Persoun vum dem Haut Représentant vum Conseil fir d'Aussepolitik, also an anere Wierder an dësem Moment den Här Chris Patton an de Javier Solana, fir déi zwou Fonktiounen an enger Persoun ze vereenegen, déi da géing mat dem Titel „Europäeschen Ausseminister", oder wéi och ëmmer, mat zwee Hitt ausüben.

D'Fro stellt sech just hei, ob mer net d'Struktur virun d'Substanz gesat hunn. D'Äntwert dorop ass kloer: Jo.

Ech géing nëmmen hoffen datt de Fait, datt mer eis eens gi sinn oder schéngen eens ze sinn - d'Regierungskonferenz muss dat jo nach bestätegen -, fir hei um Wee vun de Strukturen, vun där Stëmm mat där Europa no bausse schwätze soll, fir eng Vereinfachung erbäizeféieren, well deen „Europäeschen Ausseminister" soll jo och dee Conseil vun den Ausseministeren, wann hie sech ëm d'aussepolitesch Froe këmmert, presidéieren, also do och eng gewësse Continuitéit erabréngen, datt elo déi Stëmm, wou mer op deem Punkt do uklénge gelooss hunn, dass se an Zukunft bestoe kéint, och weess wat se soe soll.

Dozou gehéiert natierlech nach e ganz kräftege Ruck vu politischem Courage, besonnesch, géing ech soen, bei eise gréissere Mitgliedsstaten, datt se der Tentatioun widderstoen, all Kéier wou se eng Geleeënheet hunn, aus der Rei an ouni sech virdru mat hire Kolleegen ofgeschwat ze hunn, de Mond opzedoen.

Ech géif och nach eng Kéier hei wëllen eppes soen, wat ech schonn e puermol d'Geleeënheet hat hei ze soen a wat och ganz einfach de geschichtlechen Tatsaachen entsprécht: Et ass ganz einfach net wouer wa gesot gëtt, datt op deem Punkt hei vun den auswäertegen Affären a vun der Sécherheet et déi kleng Länner wären, déi mëttel Länner wären, déi verhënnere géingen, datt hei wesentlech Fortschrëtter gemaach ginn. Au contraire, et ass gewéinlech well eis grouss Partnerfrënn sech net eens gi si wat fir eng politesch Haltung soll ageholl ginn, datt et net méiglech war fir zu enger gemeinsamer Aktioun ze kommen.

Duerfir den Opruff och u si fir aus där Kris hei, déi wierklech eng grave Kris ass, net nëmme well mer net enger Meenung sinn, mä well mer och nach an dësem prezise Fall déi Net-Eenegkeet op eng Manéier ausgedréckt hunn an aller Öffentlechkeet, déi, wéi ech et scho gesot hunn, et net wäert einfach maache fir sech mar erëm un den Dësch ze setze wéi wann näischt geschitt wär. Also och do en Opruff fir an Zukunft, wou et méiglech ass, déi Saachen ze ënnerloossen an zu deenen Engagementer ze stoen, déi wéi gesot schonn en filigrane jiddefalls an den Traitéë vun Amsterdam stungen.

Ech géing an deem Sënn och soen, wann et senger Liewe sech géing erausstellen datt déi Europäesch Konventioun am Moment an esou laang wéi dee Krich do dauert net déi néideg Sérénitéit hätt fir iwwert d'Froe vun der Aussepolitik an der Sécherheet ze diskutéieren, datt et da vläicht net schued wär, wa mer eis fir dee Punkt géingen e bësselche méi Zäit loossen. Ech géing mer jiddefalls wënschen, datt mer déi Eenegkeet erëmfanne géingen, an zwar esou séier wéi méiglech am Intérêt vun all deenen Institutiounen op déi just grad kleng State musse Wäert leeë fir eng Rechtsuerdnung an der Welt ze hunn, ugefaange bei eisem regionale Kader, eisem kontinentale Kader, der Europäescher Unioun, doriwwer eraus dem transatlanteschte Bündnis, also der NATO, an um weltwäite Plang der UNO.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, den Irakkrich bestëmmt d'Aussepolitik grad eléi d'Europapolitik vun dësem Joer. Et ass eng däischter Zäit mat enger ongewëssener Zukunft. Et ass eng seriö international Kris mat schwéiere Konsequenze fir d'Liewe vun de Leit am Irak, mä och iwwert d'ganz Welt fir den europäesche Projet, fir d'Wirtschaft an och fir déi sozial Lag iwwerall.

D'öffentlech Meenung a besonnesch déi Jonk spieren, dass hei eppes aussergewéinlech Schlëmmes amgaang ass ze geschéien. Duerfir och déi formidabel Mobilisatioun vun der ganzer Gesellschaft a besonnesch vun de jonke Leit an domat en neien Interessi un der Welt dobaussen. D'Biergerinnen an d'Bierger hunn hir Regierung bei der Staang gehalen. Si hu se dozou forcéiert sech kloer an däitlech géint de Krich auszedrécken. D'Biergerinnen an d'Bierger vu Lëtzebuerg hu massiv dogéint de 15. Februar an och nach den 22. Mäerz, d'Schüler de 27. Mäerz, manifestéiert.

Och ons Regierung hat am Ufank geduecht zwëschent de Lager kënnen ze surfen. D'Leit dobaussen hunn dat Gezécks net akzeptéiert. Wéi dat nach nowierkt weise rezent Sondagen. Eng Majoritéit vun de Leit zu Lëtzebuerg hunn haut nach d'Impressioun, datt d'Regierung keng kloer Positioun zum Krich huet. Lëtzebuerg, menge mir, soll der Bush-Regierung kloer an däitlech soen, dass d'Land an déi politesch a sozial Kräften, grad eléi d'Kierchen, dëse Krich net akzeptéieren, dass dëse Krich en Abenteuer ass dat déi ganz Welt schwéier ze stoe komme wäert.

De Krich am Irak huet déi schlëmmste Befierchtung confirméiert. En ass elo schonn eng humanitär Katastroph fir d'Mënschen, eng politesch Katastroph fir déi ganz Géigend, eng ökologesch Katastroph, e schwéiere Schlag géint der UNO hir Crédibilitéit an e Strëch ënnert déi aussepolitesch Beméiunge vun der Europäescher Unioun. Fir den Abléck heescht et déi humanitär Katastroph an engem Land ze maîtriséieren, dat zu 60% duerch d'UNO-Hëllefsprogrammer erniert ginn ass an duerch e jorelaangen Embargo ausgeblutt gouf.

Zugläich musse mer schounungslos gesi wéi d'Welt wierklech ausgesäit. Déi irakesch Diktatur ass jo keen isoléierte Problem. Et geet ëm den internationalen Terrorismus. Et geet ëm d'Prolifératioun vu Massenvernichtungswaffen. Et geet ëm den Zerfall vu rechtsstaatlecher Uerdnung a ville Länner vun der Welt. Et geet ëm ethneschen a reliéise Fanatismus. Mä et geet och a besonnesch ëm d'Verhale vu groussen a manner grousse Länner, wéi d'USA, Russland a China, déi hir Intérêten oft virun déi vun der Demokratie an der Rechtméissegkeet stellen. Erënnere mer un Tschetschenien, un den Tibet, un déi vill korrupt Regimer, déi aus materiellen Interessen ënnerstëtzt an unerkannt ginn.

Et geet ëm d'Verhale vun der ganzer internationaler Communautéit, wann et ëm déi manner demokratesch a wéineg recommandabel Länner an der Welt geet. Esou laang net méi däitlech op d'Mënscherechter an op d'Wäerter gepocht gëtt a manner op d'Geschäfter, wäert sech net vill änneren.

Mä et geet natierlech elo virrangeg ëm den Irak an ëm déi ganz Regioun. Sécher wäert et laang dauere bis do eng demokratesch Uerdnung entsteet. D'USA a Groussbritannien wäerten et net fäerdeg bréngen eleng eng Neiuerdnung vun der Regioun an d'Wee ze leeden.

Wann d'UNO an d'Europäesch Unioun eng Verantwortung ze droe kréien, da wëllt dat net soen dass se dee Krich approuvéieren. Et däerf keng Resolutioun vun der UNO ginn, déi de Krich legitiméiere wëllt. D'UNO an d'Europäesch Unioun gi gebraucht fir déi Neiuerdnung international ze legitiméieren an och fir den Opbau bezuelen ze hëllefen. Wéi kann d'Europäesch Unioun un där Neiuerdnung deelhuelen?

Sécher ass d'Unioun fir den Abléck duerch de Krich am Irak déif gespléckt. Déi europäesch Aussepolitik, sollt et se da jee gi sinn, ass duerch de Bréif vun den aacht, dann duerch d'Deklaratioun vun den zéng Vilnius-Staten a schliesslech duerch den Antrëtt an de Krich vu Groussbritannien a Spuenien ouni UNO-Mandat um Buedem zerstéiert.

Et geet duerfir net méi duer vu Conseil zu Conseil Deklaratiounen ze verofschiede fir eng Eenegkeet virzetäuschen, déi et a Wierklechkeet net méi gëtt. Et wier besser, mengen ech, wann de Conseil sech géif dru setzen eng ëmfaassend Strategie fir den Irak no dem Saddam wéinstens iddieméisseg ze entwéckelen. Wéi kënnt zum Beispill esou eng Strategie sinn? En Instrument vun där Strategie kënnt zum Beispill eng multinational Task force ënnert der Schirmherrschaft vun der UNO zesumme mat irakeschen Acteure sinn.

Dozou gehéiert mat Sécherheet an iwwerhaapt als Haaptbedingung eng gerecht Verdeelung vum Räichtum aus dem Pëtrol am Interesse vum Land a vu senge Leit selwer, an net vun den Uelechmultien aus Texas. Dozou gehéiert eng mëttelfristeg Strategie fir déi ganz Regioun am Interessi vun enger neier a friddlecher Relatioun zwëschent der westlecher Demokratie an den islamesche Länner.

Europa huet jo an de leschte 50 Joer eng Strategie vu regionaler Kooperatioun entwéckelt. Et huet déi déidlech Pulsioune vum Nationalismus bei sech iwwerwonnen. Et huet am leschte Jorzéngt a Süd- an an Osteuropa dozou bäigedroen, e Moderniséierungs- an Demokratiséierungsprozess an d'Wee ze leeden.

D'Europäesch Unioun huet eng Roll am Mëttelmier ze spillen an am Mëttleren Osten. D'Mëttelen dozou sinn d'Liberaliséierung vum Handel, eng transnational Kommunikatioun a Kooperatioun an eng regional Integratioun op demokratescher Basis. Europa, dat keng Supermuecht ass an och net wëllt sinn, ass e Modell fir déi Géigend, grad wéinst sengem Respekt viru reliéisen an nationalen Diversitéiten.

Fir dass natierlech iergendeppes an där Regioun méiglech ass, muss de Konflikt tëschent Israel a Palästina geléist ginn. Déi onertréiglech Gewalt op béide Säite muss ophéieren.

Grad eléi de Krich am Irak féiert d'Gewalt vun Israel a vu Palästina an eng Sakgaass. D'Europäesch Unioun huet schonns vill gehollef, mä och do gëtt et ouni déi international Stategemeinschaft, ouni d'UNO an ouni d'USA, an Zesummenaarbecht mat de State vun der Regioun, keen dauerhafte Fridden. Mä natierlech ouni Drockmëttel - dat muss een och gesinn - ass d'Rietsregierung vun Israel net ëmzestëmmen an op dee Wee ze bréngen. An ech hunn et d'lescht Joer scho gesot, e méiglecht Drockmëttel ass dat Wirtschaftlecht, wann Israel zum Beispill net wëllt alenken an an de Friddensprozess erëm zréckgoen.

Här President, de Krich am Irak ass eng eescht Belaaschtung vun den traditionell gudde Relatiounen zwëschen Europa an Amerika. Ons Oppositioun géint de Krich vum Här Bush huet näischt mat Anti-Amerikanismus ze dinn. Mä de Krich forcéiert ons déi transatlantesch Relatiounen ze iwwerdenken.

Et soll ee sech engersäits hidden ons Divergenze mat Amerika ze iwwerdreiwen. Amerika bleift e wichtege Partner mat deem Europa villes kann erreechen. Amerika brauch Europa, egal wat déi amerikanesch Isolationisten an déi nationalistesch Extremisten an deem Land mengen.

Den 11. September 2001 huet d'Vulnérabilitéit vun Amerika gewisen. Mä net nëmmen de Massenterrorismus huet d'Visioun vun den USA changéiert. Mam Här Bush als President ass eng Administratioun mat enger neokonservativer Ideologie ugetratt. Et ass e Gemësch vun Affairismus, vu Militarismus a vu Fanatismus, ëmgi mat enger wager Religiositéit mat deem déi meescht Europäer a ganz vill Amerikaner näischt ufänke kënnen.

Déi nei amerikanesch Administratioun war vun Ufank un ugetratt, mam Saddam Hussein ofzerechnen. De militäresche Potenzial vun Amerika gëtt esou opgestockt, dass d'USA déi eenzeg Supermuecht an der Welt gëtt. Et ass verständlech dass dat an der ganzer Welt beonrouegt.

Da gëtt Europa al, da gëtt schwaarz-wäiss Molerei gemaach fir d'Länner opzedeelen, dann entsteet d'Doktrin vun de Preventivschléi, woubäi Nordkorea ongeschuer bleift, den Irak awer net - a wie weess wat nach alles am mëttleren Osten op ons duerkënnt.

Här President, dann ass och d'Zäit komm fir sech fundamental Gedanken iwwert d'Sécherheet an d'Verdeedegung vun Europa ze maachen. Sécher ass d'Gefor vun der Sowjetunioun verschwonnen. Et gëtt kee Lager méi, déi eent géint dat anert oprüsten. Mä d'Sécherheet huet net zougeholl, mä éischter ofgeholl.

Et ass an de leschten zéng Joer zum Beispill a Bosnien an am Kosovo kloer ginn, dass, ouni gëeegent militäresch Mëttele fir Krisepreventioun a Kriseverhënnerung, keng europäesch Aussepolitik méiglech ass.

Den Irakkrich huet och kloer gemaach, dass sech Europa an d'USA net ëmmer an der NATO iwwer alles eens sinn. Sécher wëllt keen op d'NATO verzichten. An och Pazifismus ass keng Léisung. Ouni amerikanesch Zaldoten hätt d'Nazi-Däitschland net kënnen iwwerwonne ginn. Ouni den amerikanesche Prabbeli hätt West-Europa net kënne géint déi kommunistesch Diktatur geschützt ginn.

Mä déi transatlantesch Bezéiung kann nëmmen erhale bleiwen, wann d'Partner gläichberechtegt a gläichméisseg staark sinn. Dofir ass d'Diskussioun ëm eng europäesch Verdeedegungspolitik wichteg.

Här President, Lëtzebuerg huet e vitaalt Interesse drun, dass et eng gemeinsam europäesch Aussen- a Sécherheetspolitik gëtt. Net egal wat fir eng, mä eng déi fonctionnéiert, dat heescht eng déi Entscheedunge kann huelen an no bausse gëeent optriede kann.

Dëst ass fir den Abléck an och fir déi nächst Zukunft zu 25 net méiglech a gëtt et ëmmer manner. Och am Konvent wäert et net méiglech sinn, e Schrëtt weider wéi am Vertrag vu Maastricht an der gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik ze goen. Weder Groussbritannien, nach Frankräich si bereet, hire Sëtz am Sécherheetsrot fir d'Europäesch Unioun opzeginn. Souwisou - dat musse mer och gesinn - gëtt et ni eng europäesch Décisioun fir national Zaldoten an de Krich ze schécken. Dëst bleift ëmmer eng national Kompetenz. Mir wäerten also och an Zukunft eng reng intergouvernemental Zesummenaarbecht op deem Plang behalen.

Déi eenzeg nei Perspektiv ass eng Aussen- a Sécherheetspolitik vum Kär-Europa, mat der däitsch-franséischer Achs an de Benelux-

Länner, wann dann Holland domat d'accord wär. Weder vun de Bäitrëttslänner, nach vun den neutrale Länner, nach vun Dänemark ass ze erwaarden, dass si Stécker vun hirer aussepolitescher Souveränitéit bereet sinn opzeginn a gemeinsam vun der EU verwalten ze loossen. Dëst ass ëmsou méi erstaunlech wéi jo bekannt ass dass d'Influenz vu mëttlere Mächten, net ze schwätze vu klenge Länner, um internationale Plang ëmmer weider ofhëlt.

Eng europäesch Verdeedegungspolitik kann nëmmen déi vun enger Avant-garde sinn, zum Beispill ënnert der Form vun enger verstäerkter Zesummenaarbecht. Natierlech brauch een dofir Länner, déi de politesche Wëllen dofir hunn a bereet sinn déi Mëttelen, déi se elo scho fir hir Verdeedegung ausginn, zesummen ze leeën an doduerch ze optimiséieren.

Ech weess och, Här President, dass d'Fro vun enger europäescher Verdeedegung an onsem Land gär iwwerkuckt gëtt. Dat kascht Geld, dat kascht besonnesch Leit, déi mer eigentlech net hunn. A mir sollen dofir, mengen ech, bescheide sinn. Onse Beitrag musse mer trotzdeem leeschten, an dofir begréissen ech dass Lëtzebuerger Zaldoten um Balkan a Friddensmissiounen dobäi waren a sinn, an ech begréissen dass datselwecht elo am Afghanistan geschitt.

Här President, de 16. Abrëll 2003 gëtt zu Athen de Bäitrëttsvertrag fir déi zéng nei EU-Länner ënnerschriwwen. D'Erweiderung ass also sou gutt wéi op der Schinn.

D'Sondagen zu Lëtzebuerg weisen, dass d'allgemengt Gefill bei de Leit ass, dass d'Euopäesch Unioun ze schnell ze vill nei Länner beieneen ophëlt. Ons Bierger sinn net géint d'Erweiderung. Si wëssen awer, dass d'Erweiderung mat zéng neie Länner de politeschen Zesummenhalt vun der Europäescher Unioun a Fro stellt.

Et ass och héich Zäit, dass d'Politik mat de Bierger dodriwwer schwätzt. Ons Regierung, d'Madame Ausseminister, hat iwweregens nach ëmmer keng Informatiounscampagne lancéiert, wéi se dat elo schonns zweemol versprach hat, an ech mengen et wier wierklech un der Zäit dass och zu Lëtzebuerg d'Politik bei d'Leit géif goen, fir mat hinnen iwwert den Elargissement ze schwätzen.

Mir stinn der Erweiderung ouni Alternativ vis-à-vis - muss een och soen. D'Erweiderung ass fir de Fridden an d'Stabilitéit vu ganz Europa noutwendeg. Fir d'Länner vun Ost-Europa ass den Antrëtt an d'Euopäesch Unioun eng wichteg Hëllef fir d'Moderniséierung an d'Prospéritéit, souguer wann dat mat schappege finanzielle Mëttele geschitt.

Anersäits wësse mer, dass mer zu 25 ni méi déi Integratioun fäerdeg bréngen déi mer zu sechs, zu néng, zu zwielef an nach just zu fofzéng fäerdeg bruecht hunn. Mir wëssen, dass en Europa vu 25 an der Haaptsaach eng Fräihandelszon gëtt. Mä mir wëssen zugläich, dass esou een Europa weder déi bannenzegt Sécherheet, nach déi baussenzegt Kohesioun weider ausbaue kann. Eng gemeinsam Sécherheetspolitik ass mat deene Länner, déi ganz enk mat den USA zesummenhalen, net méiglech.

An deem Zesummenhang ass et menger Ansicht no och héich Zäit, iwwer eventuell weider Erweiderungen elo direkt politesch ze diskutéieren.

Meng Meenung ass et, Här President, dass et mat 27 einstweile Schluss soll sinn. Mat de verbleiwenden europäesche Länner soll een allméiglech Zesummenaarbecht an Accorden treffen, mä eng nei Vollmemberschaft soll einstweilen ausgeschloss ginn. Europa ka mam Rescht vun Europa a mam Mëttelmierraum villes zesumme maachen, ouni Länner als Vollmemberen opzehuelen, déi wäit ewech si vun der Integratiounslogik, déi um Ufank vun der Europäescher Unioun stoung an zu hirem Succès bäigedroen huet.

Här President, mir haten zwar viru kuerzem hei eng Diskussioun iwwert de Konvent. Ech wëll awer trotzdeem nach e puer Punkten ervirsträichen, well d'Situatioun am Konvent jo andauernd évaluéiert a mer lues a lues zum Enn ginn.

Et gëtt eng Diskussioun iwwert de Kalenner. De Konvent huet am Ufank vill Zäit verluer, déi elo fir ons Aarbecht feelt. Den Timing soll menger Ansicht no agehale ginn. Et ass nämlech net virauszegesinn, dass nach weider Woche Konvent dee Konsens erbäi bréngen, deen et a wesentleche Froen elo net gëtt.

Et gëtt kee Konsens iwwer eng gemeinsam Aussepolitik, déi also méi wéi intergouvernemental ass. Et gëtt kee Wëlle fir méi sozial Kompetenzen an Europa zesummen ze leeën. Et gëtt kee Wëlle bei ville fir Justiz an ënner Sécherheet zu enger gemeinschaftlecher Politik ze maachen.

Also soll de Konvent Enn Juni säin Text ouni Optiounen a mat dem Konsens virleeën, deen et dann ebe gëtt. Et soll een de Leit dobausse kee Sand an d'Ae streeën. Et soll dann eben dee minimale Konsens erauskommen deen et zu 28 gëtt - well do si mer zu 28 - an et soll zugläich versicht ginn iwwer aner Kanäl d'europäesch Integratioun weider ze bréngen, ze verdéiwen.

Wann England, Dänemark, Schweden, wann d'Erweiderungslänner mar net méi europäesch Integratioun wëllen, ka kee se dozou forcéieren. Da soll an da muss d'Kär-Europa dat maachen.

Ech mengen de Konvent däerf - dat ass nach eng aner Remarque zu deem wat ofleeft - och net zu enger neier Aart vu Regierungskonferenz ausaarten. Wa wichteg Ausseministere wéi den Här Fischer oder den Här de Villepin am Konvent untrieden, ass dat vläicht e Plus fir d'Medien, mä et ass net onbedéngt e Plus fir de Konvent, wann déi Leit sech net an d'Logik vun deem Konvent setzen. D'Logik vum Konvent ass net an der Plénière eng Ried vun dräi oder fënnef Minutten ze halen an dann ze goen. D'Logik ass an engem Netzwierk de Konsens ze sichen.

Mir wëssen alleguer wéi d'Positioune vun deenen engen an deenen anere sinn. Ech froe mech duerfir zum Beispill an aller Bescheidenheet wat e Sommet vun de klenge Länner bréngt, ënnert deenen et bekanntlech grad esou grouss Ënnerscheeder gëtt wéi ënnert de grousse Länner. Et bréngt och näischt wann den Här Giscard d'Estaing de 16. Abrëll bäi de Conseil européen geet an de Stats- a Regierungschefe Froen iwwert de President vun Europa oder iwwer e Kongress stellt, well wann hie jo vun hinne prezis Äntwerte kréich, da géif dat jo heeschen, dass de Konvent iwwerflësseg wier. Ech hat awer verstanen, dass de Konvent ebe just agesat gouf, well d'Method vun de Regierungskonferenzen échouéiert ass, well d'Stats- a Regierungschefe keen Accord zu Nice fonnt hunn a well eng aner Approche gesicht ginn ass.

Ech gleewen och, dass trotz alle Bréiwer, Artikelen, Deklaratiounen an esou weider nach kee Land genee weess wéi dann d'Institutioune vun Europa vu mar ausgesinn, an ech gleewen dass mer nëmmen zu engem Kompromiss kommen, wa jiddfereen de Kapp op huet, wa jiddfer Land niewent sengen nationalen Interessen och a virun allem Europa am Sënn huet.

Wat ass den nationalen Interessi vu Lëtzebuerg? Dat ass jo ganz kloer déi europäesch Integratioun, méi europäesch Integratioun. Nëmmen duerch Europa si mer staark. Ons Ekonomie, ons gesellschaftlech a kulturell Ausriichtung, ons Ouverture no bausse geet iwwer Däitschland a Frankräich, grad wéi iwwert de Benelux. Déi Länner duerch d'europäesch Integratioun zesummenzehalen ass fir ons wesentlech.

A propos kleng Länner - just fir op dee Sommet zréckzekommen -, an dem Beméie fir e staarkt Europa si sech nach laang net all kleng Länner eens. Iwwerhaapt seet den Ausdrock kleng Länner net vill. Lëtzebuerg ass an enger anerer Situatioun wéi zum Beispill Estland oder Malta. Mir sinn, wat d'europäesch Integratioun ugeet, méi eens mat Däitschland wéi zum Beispill mat Irland. Dat eent war um Sommet vun de klenge Länner, dat anert net. Portugal huet de Bréif vun den aacht ënnerschriwwe fir sech bei den USA unzebiederen. Finnland ass en neutraalt Land wann et ëm eng europäesch Verdeedegung geet.

D'Lëtzebuerger Regierung mécht sech jo fir d'Rotatioun vun der Présidence staark. Dat seet a sech net vill, wann ee sech net ëm d'Wiesen an de Fonctionnement vum Europäesche Rot a vum Ministerrot bekëmmert. Wann den Europäesche Rot sech mat senger eigentlecher Aufgab zefridde géif ginn, nämlech Impulser a strategesch Ausriichtunge festzeleeën, da bräichte mer kee President vun Europa. Da géif e rotéierende Sëtzungspresident duer goen.

Wat de Ministerrot ugeet, geet et an der Haaptsaach ëm Sachverstand, ëm Effikassitéit a Continuitéit. Ech hunn näischt géint eng länger Présidence vun engem Joer, wann zum Beispill den Här Juncker am Ecofin-Conseil ee Joer laang President wier. Ech géif mengen dat géif dem Ecofin zegutt kommen, well den Här Juncker jo eng grouss Kompetenz op deem Gebitt huet, bestëmmt eng méi grouss wéi munch aner Finanzministeren. Déi héich spezialiséiert Conseile kënne menger Meenung no och vum zoustännege Commissaire presidéiert ginn. Villes ass do méiglech, mä wéi gesot, et muss een de Kapp op hu fir den Intérêt vun engem staarken Europa ze gesinn an och an där Logik ze diskutéieren.

De Konvent muss dat alles an den nächste Wochen aussortéieren. Et ass jo gewosst, dass soulaang net alles um Dësch läit näischt definitiv acquis ass, weder d'Incorporatioun vun der Charte, nach d'Personnalité juridique, nach d'Ofschafe vun de Pilieren, nach de Prinzip vun enger Verfassung, nach d'Zesummeschloe vun den zwee Verträg. Duerfir mäi Wonsch un d'Regierung, un ons Regierung an un d'Regierungen alleguer: Loosst de Konvent schaffen! Probéiert net en ze instrumentaliséieren a gitt him eng Chance!

Här President, en aneren Aspekt vun der Europapolitik ass den Engagement fir de Wuesstum an d'Aarbecht an Europa. Douzou gouf et e Sommet, den 20. an den 21. Mäerz zu Bréissel. Et goung do ëm d'Relance vun der Strategie vu Lissabon, dat heescht ëm eng Strategie fir d'Objektiver, déi sech zu Lissabon am Fréijoer 2000 gesat goufen, weider ze bréngen. Esou soll an den nächsten 12 Méint eng europäesch Task force iwwert den Emploi op d'Bee gesat ginn. Dat ass net schwiereg, well jo ëmmer iergendee fréiere Premierminister disponibel ass fir a senger Pensioun eng Kommissioun ze presidéieren, déi dann e schéine Rapport mécht.

Dass dës Initiativ vum Tony Blair a vum Här Barroso aus Portugal kënnt, ass net onbedéngt e gutt Zeechen. Firwat? Et geet nämlech weider a Richtung Liberaliséierung wéi zum Beispill bei der Eisebunn, wou ech iwwregens dem Här Minister Grethen félicitéiere muss fir seng Positioun, déi hien am Conseil vun den Transportministeren ageholl huet. Et gëtt awer nach ëmmer keen Accord iwwer eng Rahmenrichtlinn fir d'öffentlech Déngschter ze erhalen an auszebauen.

Et geet vill méi weider a Richtung Opweeche vun den öffentlechen Déngschter, a wann an Europa vu Reforme Rieds geet, da sinn et ëmmer Reforme fir ze liberaliséieren, fir Personal anzespueren, fir d'Konkurrenz opzemaachen, fir ze flexibiliséieren an ze précariséieren.

Wat dréit dat zur wirtschaftlecher Onsécherheet bäi? Wat bréngt d'Leit do op d'Strooss? Et ass d'Gefor vum Ofbau vun Aarbechtsplazen, vu Rationaliséierung am Interesse vun enger renger Finanzlogik. An deem, wat um Fréijorssommet gesot gouf, erkennen ech näischt wat déi Logik ëmdréit.

Här President, erlaabt mer och nach e Wuert iwwert d'Justiz an d'Affaires intérieures ze soen, hei am Euro-Jargon de sougenannten drëtte Pilier genannt. Wéi schonns gesot sollt dëst Gebitt zu enger Gemeinschaftspolitik gi bei där mat qualifizéierter Majoritéit décidéiert gëtt. Ouni dat komme mer zu 25 kee Schrëtt weider. D'Leit dobausse wëllen, dass Europa déi international Kriminalitéit an den Terrorismus energesch bekämpft. D'Europäesch Unioun huet d'Grenzen opgemaach an dovunner profitéieren d'Bierger, mä och déi Kriminell vun allen Zorten.

Et muss en europäescht Strofrecht, besonnesch géint d'Verbrieche géint d'Europäesch Unioun entwéckelt ginn. Minimal Rapprochementer ginn do net duer. Och am Zivilrecht gëtt et vill grenziwwergräifend Froen ze léisen a schliesslech mussen d'Mënschen an Europa e Recours kréie fir d'Fräiheeten an d'Biergerrechter anzekloen. Et geet och ëm d'Immigratioun an d'Kontroll vun de Baussegrenzen, grad wéi ëm eng gemeinsam Asylprozedur. Alles deit drop hin, dass d'Festung Europa sech an den nächste Joren entwéckele wäert. Wann net zugläich eng aktiv a geregelt Immigratiounspolitik entwéckelt gëtt, ass eng restriktiv Asyl- an Awanderungspolitik e weidert Element vun zukünftegem Konflikt zwëschent Europa an dem Rescht vun der Welt.

Ech hunn och mat Interesse gehéiert, dass den Här Frieden um Conseil vun den Innen- a Justizministeren zu Veria a Griichenland e Kär-Europa a Froe vu Pass a Visa virgeschloen huet. Dat begréisse mer, well et d'Liewe vun de Leit méi einfach maache kann, mä da mussen d'europäesch Justiz- an Innenministere sech emol froe wéi oft een haut de Pass zücke muss, wann een am Schengen-Raum vun enger Stad an déi aner flitt.

Här President, ech kommen net ëmhin niewent de kruzialen an existenzielle Froen och eng méi Terre-à-terre-Fro opzewerfen, dat ass déi vun der Sëtzpolitik. Mat dem Kompromiss iwwert d'Kommissiounsdéngschter zu Lëtzebuerg kann een zefridde sinn. Et däerf een awer net verheemlechen, dass trotzdeem wesentlech Stécker vu wichtege Kommissiounsdéngschter no Bréissel transferéiert solle ginn. Et muss een hei och den Asaz vun de Gewerkschafte begréissen, déi eng ganz entscheedend Roll gespillt hunn an d'Regierung bei hirer Verhandlung ënnerstëtzt hunn.

Wat allerdéngs am europäesche Parlament geschitt mécht mer méi Suergen. Leider héiert een hei weder de Comité du personnel, nach d'Gewerkschafte mat därselwechter Déterminatioun wéi bei der Kommissioun. An deem Zesummenhang hunn ech an dem Här Berns sengen Iwwerleeunge gelies - an ech zitéiere just dee Saz -: «J'ai laissé entendre dès l'automne 2000 qu'un abandon du parlement européen pourrait servir nos intérêts de siège au bénéfice d'autres services plus consolidables et d'une politique de siège moins axée sur la quantité de fonctionnaires à Luxembourg.» Esou Saachen hunn ech schonn dorëmmer gehéiert.

Ech wëll awer soen, dass an Europa all Institutioun hir eege Logik huet. Et gëtt kee globalen Deal méi. Wann een eppes verléiert a wat ee verléiert, dat kritt een net duerch eppes aneschters erëm. Ech begréissen duerfir déi décidéiert Haltung vun der Madame Ausseminister, déi gëschter hei erkläert huet, dass si dem Europaparlament op d'Fangere klappe wëllt. Dat ass emol ze gesinn, wat dann eigentlech do geschitt a wat méiglech ass. Ech mengen et wier awer noutwendeg, well no der DG IV als nächst d'Generaldirektioun I déi wäert sinn un där ugefaange gëtt ze rappen.

Ob zum Beispill de Pilier judiciaire muer e Parquet européen no Lëtzebuerg bréngt, ass allerdéngs nach laang net sécher. Vill Länner si géint esou e Parquet. Dass mer Euro-Just schonn zu Laeken opginn hunn, ass menger Ansicht no och bedauernswäert.

Ech fir mäin Deel sinn iwwerzeegt, dass de Siège vun europäeschen Institutioune Lëtzebuerg vill bréngt, wirtschaftlech a politesch. Mir mussen den Asaz dofir maximal koordinéieren. Et däerf keen Zigarettebletchen zwëschent dem Statsministère an dem Ausseministère an där Fro sinn.

Mir hunn och eng Responsabilitéit vis-à-vis vun de Leit, déi säit zéng, zwanzeg, drësseg Joer zu Lëtzebuerg schaffen a wunnen an déi een net einfach esou hin an hier joë ka wéi et e puer héijen Europafonctionnairen oder Commissairen an de Kapp kënnt. An ech menge schonn, dass d'Regierung do eng eminent politesch Responsabilitéit huet.

Här President, fir ofzeschléissen, dräi Bemierkungen.

Déi éischt betrëfft d'Erklärung vun der Madame Ausseminister. De Resumé iwwert déi rezent Vergaangenheet an der Irakfro ass de Versuch vun enger Rechtfertegung. Et geet dobäi ëm d'Vergaangenheet. Mir gi wuel ni eens iwwert d'Aschätzung vun der Astellung vun der Regierung am Virfeld vum Krich. Fir ons war se laang net kloer, op jidde Fall net bis de 26. Februar. Mir iwwerloossen den Historiker dat ze klären. Ech hätt mer awer erwaart, dass vun der Madame Ausseminister éischt Iddië komm wären, wéi et no dem Irakkonflikt am mëttleren Oste weider geet. Et muss dach am Conseil zu Bréissel, ënner anerem och vum Här Solana, un Iddië geschafft ginn, wéi d'Europäesch Unioun an also och Lëtzebuerg hëllefen a politesch handele kann.

Meng zweet Bemierkung betrëfft d'europäesch Verdeedegungspolitik. Onse Statsminister gëtt op der éischter Säit am Journal zitéiert, hie wär fir eng europäesch Arméi. Den Här Juncker huet dozou am Ausland Stellung geholl. Wat heescht dat, eng europäesch Arméi? Ass dat eng nei Oplag vun der Communauté européenne de défense vun de 50er Joren? Ass dat en Ausbau vum Eurocorps? Wéi geet dat mat der NATO zesummen? Wat gehéiert dozou? Eng europäesch Rüstungsindustrie? Europäesch Transportkapassitéiten, de Renseignement an esou weider? Ech hunn dozou an der Erklärung vun der Madame Ausseminister näischt fonnt. An dach ass dat eng Diskussioun wäert, besonnesch da wann de Statsminister se ukuerbelt. D'Leit dobausse froen duerno.

Meng drëtt Bemierkung betrëfft de Stil vun der Lëtzebuerger Aussepolitik, an ech hunn dat dat lescht Joer scho gesot. Natierlech steet déi Aussepolitik am Schiet vun engem Statsminister, deen um internationale Parkett extrem aktiv ass a ganz forsch optrëtt. Sécher ass déi traditionell Aussepolitik vu Lëtze-

buerg bescheiden, mä d'Bierger fille sech haut responsabel fir d'Welt dobaussen a wëllen hiert zu enger méi gerechter a solidarescher Welt bäidroen. Mir maachen an där Hisiicht vill duerch d'Entwécklungspolitik.

Iwwert déi Politik eraus geet et drëm, sech fir de Respekt vun onse Wäerter an der Welt anzesetzen. Ech denken u vill Leit, déi doranner engagéiert sinn. Un d'Amis du Tibet, un d'Militante vun Amnesty, un d'Friddensinitiativen, u vill anerer. D'Belsch an Norwegen hunn och vill un aussepoliteschem Engagement gewisen. Ech mengen, Lëtzebuerg soll vermëttelen, soll d'Politik an d'Zivilgesellschaft méi zesumme bréngen an doduerch och en neit Verständnis erbäiféieren. Aussepolitik ass net nëmmen Diplomatie, mä aktiivt Astoe fir ons Wäerter an der Welt.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Debatt iwwert d'Erklärung vun der Madame Ausseminister, grad wéi dës Erklärung selwer, stinn dëst Joer eendeiteg am Zeeche vum Krich am Irak, vum Krich selwer, mä och vun de Grënn déi dozou gefouert hunn an de Konsequenzen déi e kann hunn.

Obwuel nach ganz villes onkloer ass, obwuel eng immens Zuel vun Hypotheesen iwwert d'Auswierkunge vun dësem Krich am Raum stinn, ass et elo scho kloer, datt fir déi multilateral Institutiounen, och a ganz besonnesch fir d'Europäesch Unioun, d'Zäit nom Irakkrich net méi déiselwecht wäert si wéi déi virdrun. Et ass am Kontext vun dëser Atmosphär a vun dëser Realitéit, wou ech meng Iwwerleeungen zur aktueller an zukünfteger Aussepolitik vun eisem Land wëll duerleeën. Dobäi wäert ech awer och eng Rei Theme beréieren, déi fir d'Vertriedung vun eisem Land no baussen nach ëmmer vu Bedeitung waren an déi hir Wichtegkeet an allen Hypotheese behalen.

D'Madame Polfer huet an hirer Erklärung d'Entwécklung vun der internationaler Situatioun bis hin zum Ufank vum Krich géint den Irak, den 20. Mäerz vun dësem Joer, récapituléiert. Si huet och d'Haltung vun der Lëtzebuerger Regierung an dëser Zäit nach eng Kéier opgewéckelt, eng Haltung déi jo scho vu verschiddene Säiten als net besonnesch kloer a gruedlinnech ëmfonnt ginn ass. Ech selwer a meng Fraktioun och sinn awer där Meenung net. Mir hu fonnt, vum Ufank vun der Irakkris un an och elo no der Deklaratioun vun der Ausseministesch, datt eis Regierung eng eendeiteg an der Evolutioun vum Dossier ugepassten onmëssverständlech Positioun huet an hat. Dës Positioun beseet, datt Lëtzebuerg net der Meenung war an ass, datt den Zäitpunkt fir eng militäresch Interventioun scho komm war. Si beseet och, datt esou eng Interventioun nëmmen als dat allerleschte Mëttel an net als dat nächst bescht hätt dierfe stattfannen, an datt se hätt sollen, esou oder esou, vun engem neie multilaterale Mandat, an zwar vum Weltsécherheetsrot, ofgedeckt sinn. Si fënnt an eisen Aen zu engem verfréiten Zäitpunkt statt, an dofir bedauert meng Fraktioun dës Interventioun.

Et gëtt vill gutt Grënn fir de Regimewiessel ze wëllen. Et gëtt kee gudde Grond fir den aktuellen irakesche Regime ze ënnerstëtzen. Problematesch ass jo hei net d'Analys vun enger Situatioun an engem Problem, dës Analys gëtt vun allen Intervenante vun der UNO, an Europa an op béide Säite vum Atlantik d'selwecht gemaach. Problematesch ass d'Aart a Weis wéi Konklusiounen aus dëser Analys gezu ginn, well dës Konklusiounen divergéieren, an zwar bis zu deem Punkt wou verschidde State gemengt hunn, de Moment fir d'Agräife wier komm, well sech multilateral keng Eenegung op hir Konklusioun erginn huet. Dës Approche beinhalt awer grouss Risiken.

Ech wëll net nach eng Kéier alles dat duerleeën, wat d'Regierung, d'Parteien an d'Fraktiounen an deene leschten Deeg a Wochen iwwert de Krich am Irak selwer gesot hunn. An dëser Debatt geet et mir villméi drëm, den Impakt vun der aktueller Lag op eist Land, mä virun allem op d'UNO an d'Europäesch Unioun ze évaluéieren, well egal wéi een d'Légitimitéit an de Sënn vun der militärescher Interventioun, wéi se elo duerchgefouert gëtt, aschätzt, eent ass ganz sécher, d'Zäit virum 20. Mäerz 2003 war keng Stärstonn vun den internationalen Organisatiounen, a speziell d'EU huet sech op absolut onglorräich Manéier an dës Kris géréiert.

D'Madame Ausseminister huet gesot, an ech deelen hir Opfaassung ouni Ofstrécher, datt mer haut déi multilateral Foren an Entscheedungsgremie méi néideg brauche wéi jee virdrun. Dëst ass e Constat, deen am Ableck speziell op eiser Säit vum Atlantik vu ganz ville Säite gemaach gëtt an deen och eigentlech net verwonnert.

Tatsaach ass, datt Europa sech zënter dem Zweete Weltkrich dem Multilateralismus verschriwwen huet. Mä et stellt sech an dësen Deeg eraus, datt d'Opfaassunge vun deem, wat Multilaterialismus ass, och op eisem Kontinent ganz wäit auserneeleien. Tëschent deenen, déi éierlech bedaueren, datt d'EU zum Beispill keng gemeinsam Haltung an der Irakkris huet, an do steet Lëtzebuerg ganz wäit vir, well et och aktiv dru geschafft huet, datt esou eng Haltung sollt zustane kommen, an op där anerer Säit deenen, déi Zoufallsallianzen als eng ausreechend Erscheinungsform vu multilarele Virgoen ëmfannen, do leien am Moment Welten, an zwar Iwwerzeegungswelten, déi net einfach nei mateneen ze verknäppen an ze verschmelze sinn.

Dofir geet et net esou drëms hei de Kredo vum Multilateralismus ze bieden, mä et geet drëms, datt mer eis eng konkret Ambitioun gi fir déi Organisatiounen an Institutiounen, déi mer hunn, ze reforméieren, ze dynamiséieren an endlech gemeinsam handlungsfäeg ze maachen. Deen éischten an dee wichtegste Schrëtt an déi Richtung ass eng entspriechend Entwécklung vun de Mentalitéiten, ouni déi geet näischt. Datt et evident ass, datt et fir Lëtzebuerg méi einfach ass sech a multilaterale Gremien erëm ze fannen, well dat seng eenzeg an déi gréisste Sécherheet ass, schéngt jiddferengem evident. Datt dat fir gréisser Länner, net nëmmen Amerika, aus hirer Evolutioun eraus net ëmmer esou einfach ass, dat weisen d'Reflexer an de Krisenzäiten, déi mer elo an deene leschte Méint erkannt hunn.

Déi heiansdo virkommend amerikanesch Skepsis géigeniwwer dem Multilateralismus ass verstäerkt, doduerch datt Amerika gären handelt. An et handelt och am Moment do wou vill Leit a Länner, a Lëtzebuerg versteet eppes dovun, dankbar si fir hir Interventiounen. Et géif haut vläicht net dat Lëtzebuerg wat mer kennen, et géif et sécher séier wahrscheinlech net, wa mer net an de 40er Jore vun de Vereenegte State befreit gi wären. Fir dës Befreiung waren a si mer dankbar a mussen et och bleiwen. Och aus dëser Dankbarkeet, där vun eis an där vu villen aneren europäesche Länner eraus hu sech déi transatlantesch Relatiounen entwéckelt, déi mer kennen.

Déi amerikanesch Interventioun zum Schluss vum Zweete Weltkrich huet déi sougenannten atlantesch Partnerschaft gegrënnt, déi an der NATO Kierper ugeholl huet. Aus dëser Zäit eraus huet sech eng Wäertegemeinschaft op béide Säite vum Atlantik entwéckelt.

Dës Partnerschaft hat fir eis och ëmmer mat der Schutzfunktioun vun Amerika géigeniwwer vun Europa ze dinn. Well eleng, Här President, verteidege mer eis net. Gëschter net an haut net. Dëse Constat ass wichteg, fir déi richteg Appréciatioun vun der aktueller Lag ze maachen.

Amerika handelt an huet och d'Moyene fir ze handelen, eleng oder mat aneren. Dat huet an der östlecher Halschent vun eisem Kontinent dozou gefouert, datt an de State vum fréieren Ostblock de Bléck op Washington geriicht gëtt, wann et ëm Sécherheet a Westorientéierung geet, an net ëmmer op Bréissel. Well déi osteuropäesch Staten erwaarde sech, datt eng grouss Muecht handlungsfäeg a wëlleg ass, fir hir Wäerter an Idealer ze verteidigen.

Well déi Europäesch Unioun dës Handlungsfäegkeet no baussen awer leider net huet, sichen déi aktuell Bäitrëttskandidaten hei zur Europäescher Unioun hire Modell haut oft éischter an de Vereenegte Staten wéi an der Europäescher Unioun. Enger Unioun nämlech, déi ze dacks gezéckt huet, déi intern net eens ass an déi den Androck heiansdo vermëttelt, allze vill mat sech selwer beschäftegt ze sinn.

Allze vill mat sech selwer beschäftegt, awer total onfäeg, zumindest dës Kéier am Irakkonflikt, eng eenheetlech Positioun anzehuelen. Wat ganz besonnesch problematesch ass, dat ass datt am Fong zu kengem Zäitpunkt richteg versicht gouf sou eng Positioun ze fannen, well vum Ufank vum Konflikt un nationalstaatlech Beweeggrënn eenzel Memberstaten dozou befligelt hunn individuell virzepreschen - an déi eng Richtung oder an déi aner. A souguer wann d'Unioun, wa se als Ganzt an eenheetlech, Positioun bezunn hätt, déi amerikanesch Positioun vläicht hätt kënne beaflossen, sou war dat definitiv net méi méiglech, nodeems mer e Rëss matten duerch d'Unioun hu misse feststellen, an e weideren tëschent der Unioun an de Bäitrëttskandidaten.

Et ass vill Parzeläin zerschloe ginn an deene leschte Méint. Tëschent Europa an Amerika, tësche verschiddene Memberstate vun der Unioun, tëschent eenzelne Memberstate vun der Unioun an Amerika, tëschent der Unioun an hire Bäitrëttskandidaten.

Här President, ech hunn dës Analys gemaach, well ech meng nächst Aussoe wollt an e bestëmmte Kader stellen. Et bréngt näischt, vun enger staarkter a verstäerkter Roll vun der UNO ze schwätzen, iwwert déi transatlantech Relatiounen ze philosophéieren an Europa wëllen aussepolitesch eng Stëmm ze ginn, wann ee sech dëses Kaders net bewosst ass. Well hien determinéiert d'Problemstellungen, an en determinéiert d'Méiglechkeeten déi sech bidden, fir déi richteg Léieren aus der aktueller internationaler Lag ze zéien. E klengt Land wéi eist kann a muss dat roueg a mat grousser Luciditéit maachen.

An dësem Moment gesäit de gesamte Problemkader folgendermoossen aus:

- de Weltsécherheetsrot ass senger Roll, e globale Gewaltmonopol auszeüben, sécher an dësem Moment net gerecht ginn;

- déi transatlantesch Partnerschaft huet an deene leschte Méint gelidden, a mir hunn e Vertrauensproblem op béide Säite vum Atlantik;

- d'NATO spillt an där aktueller militärescher Ausernanersetzung bal keng Roll, well déi sougenannte Koalitioun eng reng Zoufallsallianz ass, déi zum Beispill Australien beinhalt;

- d'Europäesch Unioun ass sech sou oneens, wéi nach ni virdrun op engem aussepoliteschen Dossier;

- mir si vun enger europäescher gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik wäit ewech;

- d'Bäitrëttskandidaten zur Europäescher Unioun hu sech deelweis op d'Säit vun Amerika gestallt, net zulescht well Europa als sollecht am Irakkonflikt och keng eenheetlech Haltung a Meenung hat;

- a schlussendech hu mer d'Vertrauensbasis tëschent den atlantesche Partner erschüttert, an och innerhalb vun der Unioun a vis-à-vis vun de Bäitrëttskandidate sinn Emotiounen an Animositéiten op eng séier ongesond Manéier artikuléiert ginn.

An dësem Kontext musse mer dann elo de Wee no vir sichen. De Wee zu enger méi staarker Roll vun der UNO an der Zukunft, enger Roll déi vun enger funktionéierender atlantescher Partnerschaft ugedriwwe gëtt, woubäi dës Partnerschaft nëmme mat engem staarken a gëeenten Europa ka funktionéieren.

Dëse Wee muss an Europa fonnt ginn. E muss aus Europa no bausse féieren. Mir brauchen noutwendegerweis eng europäesch Aussen-, Séchertheets- a Verteidegungspolitik. Kréie mer déi net zustanen, da kënne mer eis Ambitiounen definitiv vergiessen. Da bleift eng kontinental Fräihandelszon iwwreg, déi keng politesch Roll méi spillt, an och d'Ambitioun opgëtt, sou eng Roll ze iwwerhuelen.

D'Aussepolitik, d'Séchertheetspolitik an d'Verteidegungspolitik vun der Unioun sinn déi Elementer, déi si wäerten an der Zukunft charaktériséieren. Gëtt et dës Politiken net, kréie mer se net zesummen definéiert, dann huet d'Unioun sech deelweis iwwerlieft. D'Scheitere vun der europäescher Verteidegungsgemeinschaft am Joer 1954 konnt iwwerstane ginn, well Westeuropa deemools keng Muecht an der Welt war, an d'EG vun deene sechs ganz sécher och net. Mä d'definiivt Scheitere vun der gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik an de Joren 2003 an duerno gëtt vill méi schwiereg, fir ze packen, well et an dësem Moment eng Fro vum Sënn ass, vun deem wat mer wëllen als Gemeinschaft sinn a ginn.

Et kéint een eigentlech zouversichtlech sinn, well d'EG an d'EU bis elo nach aus all Kris gestäerkt ervigaange sinn. Mä déi aktuell ass vun enger neier Qualitéit. Et ass déi éischt, déi eis an d'Noperschaft vun enger zolidder Verschiddenheet mat de Vereenegte State gefouert huet, a si erstreckt sech op e Gebitt vun eigentlech 28 Staten. Wuel ka se gemeeschtert ginn, mä dat verlaangt en Engagement, wat mer eventuell bei verschiddene Staten an Europa de Moment vermëssen. Loosse mer hoffen, datt mer dat Engagement erëmfannen, an zwar bei alle Länner.

Lëtzebuerg spillt an deem Kontext eng wichteg Roll, well et e klenge Stat ass, an domat, wann ee vun der Klengstatefuerschung ausgeet - gëtt dat esou genannt -, eng moralesch Muecht ass - wann ech mech esou däerf ausdrécken. Dat si mer op glaubwürdeg Manéier, well mer keng „hidden agenda" vun internationalen, eegene Muechtinteressen hunn, a wierklech reng fir déi gemeinsam europäesch Saach wëlle schaffen. An dësem Sënn ass et logesch, datt Lëtzebuerg sech der Initiativ vun Däitschland, Frankräich an der Belsch uschléisst, fir eng europäesch Arméi op d'Been ze stellen. De Statsminister huet eise Support fir dës Initiativ däitlech gemaach, an hien hélt och deemnächst un engem Véierersommet zu dësem Thema deel. Dës Initiativ kann, wa se an där richteger Atmosphär funktionéiert a Vertraue schaaft an nei hierstellt, e wichtege Bäitrag zu engem Renouveau vun den europäeschen Ambitiounen duerstellen. An ouni effikass Verteidegung, mengen ech, kann ee kaum wierksam Aussepolitik maachen.

Nëmmen e staarkt a gëeenegt Europa kann dann dru goen, déi atlantesch Partnerschaft ze erneieren. Amerika wënscht sech jo eigentlech en Europa - hoffen ech - wat mat sech selwer eens gëtt a wat sech och selwer kann op sengem Territoire verteidegen. En europäesche Pilier, deen zolidd a breet ass, gëtt an der atlantescher Partnerschaft dringend gebraucht. Dat gëllt souwuel am Kontext vun der NATO, wéi och op dem konzeptuellen Niveau. Well nëmme wann déi atlantesch Partnerschaft op zwee Been steet kënne mer d'Ambitioun hunn, de globale Multilateralismus ze dynamiséieren.

D'Europäer si Frënn vun den Amerikaner, dat gouf dacks gesot; an et ass a bleift wouer. Mä wéi an alle Frëndschaften ass et och hei sou, datt mir mat villen Aschätzunge vun den Amerikaner net averstane sinn, a ganz sécher ass eis Meenung iwwert d'Roll vun der UNO heifir dat beschte Beispill. Mir si schonn um eegene Kontinent bewosst a wëllentlech nëmme méi begrenzt national souverän, well mer bewosst a wëllentlech Deeler vun eiser nationaler Souveränitéit gemeinschaftlech am Kader vun der EU ausüben. Dowéinst hu mer kee Problem domat, och innerhalb vun der UNO gemeinsam virzegoen, och wann dat Kompromëss mat sech bréngt.

Amerika huet dat alles net. Eng erneiert atlantesch Partnerschaft mat engem staarken Europa kann dozou bäidroen, datt mer an dëser Saach op déi amerikanesch Iwwerzeegungswelt kënnen awierken. Dat musse mer och, well et ass genee dëst d'Konditioun vun enger erneierter Landschaft vun handlungsfäege multilaterale Strukture mat amerikanescher an europäescher Participatioun.

De Multilateralismus, an domat wëll ech dëst Kapitel ofschléissen, nodeems de Krees sech geschloss huet, ass liewenswichteg fir e klengt Land. Et ass am Kader vun de multilateralen Organisatiounen, speziell vun der UNO, wou d'Völkerrecht entsteet a vu wou aus et applizéiert muss ginn.

Här President, déi europäesch Kris ass reell. Grad virun där gréissster Erweiderungsronn an hirer Geschicht hätt ee sech gewënscht, datt d'Atmosphär an der Unioun méi entspaant wär. Mä mir mussen elo aus der aktueller Situation dat bescht maachen. D'Erweiderungsreferende sinn amgaangen, zwee sinn der scho mat engem positive Resultat eriwwer, besonnesch Slowenien huet mat 90% Zoustëmmung en erfreelechen Toun uginn, an op engem Sommet a gutt zwou Woche ginn zu Athen d'Accessiounsverträg ënnerschriwwen. Wa näischt méi um Wee schief geet, da si mer d'nächst Joer zu 25, an deenen d'Membere vum Europaparlament gewielt ginn.

Virum Hannergrond vun den Dissensiounen, déi sech op ville Felder artikuléiert hunn, ass den europäesche Konvent elo a seng lescht Aarbechtsphas agetrueden; där vun der Formulatioun vun engem europäesche Verfassungsvertrag. Déi Lëtzebuerger Vertrieder an deem Konvent schaffen aktiv an deem Prozess mat, doduerch datt se Amendementer zu den Textvirschléi vum Presidium formuléieren an Interventiounen am Plenum maachen, nodeems se och an den Aarbechtsgruppe schonn eng ganz dynamesch Roll gespillt hunn. De Konvent ass opgrond vu senger Zesummesetzung a senger Funkiounsweis zwar net den effikassten Diskussiounsforum op Gottes Erdbuedem, et ass éischter en Deklaratiounsforum. Mä ëmmerhin, op kenger anerer Plaz an Europa gëtt sou laang a sou déif iwwert d'Gesamtheet vun der Europä-

escher Unioun debattéiert. Dofir, denken ech, ass de Konvent eminent wichteg.

En ass wichteg, well et fir d'éischt ass, datt mat alle Bäitrëttskandidaten zesummen iwwert d'Zukunft vun eisem gemeinsamen Europa diskutéiert gëtt. Ni virdrun hate Kandidaten d'Chance, schonn ier se an der Unioun oder der Gemeinschaft derbäi waren, iwwer hir Politiken, hiren Aflossberäich, hir Strukturen, Institutiounen an Décisiounsmécanismë matzeschwätzen. Datt dat elo stattfënnt, ass e wichtegt Zeeche fir den Ëmgang mat de Kandidaten. Si ginn eescht geholl an hiren europapolitesche Meenungen an Iwwerzeegungen. Allerdéngs gëtt och däitlech - wéi net anescht bei sou enger ëmfangräicher Diskussioun ze erwaarden -, datt mer eis an Europa nach laang net iwwer alles eens sinn.

Et ass schwéier zu 28 gemeinsam Vuen zu allem ze entwéckelen. Wahrscheinlech ass et souguer net méiglech. Wichteg ass bei dësem Exercice awer, datt mer mol erausfannen, ouni datt direkt muss ofgestëmmt oder mat Vetoe gedroht ginn, wou d'Beréierungspunkten a wou d'Divergencë queesch iwwert de Kontinent leien. Well nëmme wa mer wëssen, wat mer wierklech all zesumme wëllen, kënne mer eis déi Unioun konzipéieren, déi fonctionnéiert an no bannen an no baussen handlungsfäeg ass, well de Projet vu jiddferengem gedroe gëtt.

De Konvent soll seng Aarbechte bis Juni dëst Joer ofgeschloss hunn. Un dësem Kalenner gëtt prinzipiell festgehalen, och wann et Stëmme gëtt, déi eng Verlängerung vu sengem Mandat fir sënnvoll géifen halen. Ech mengen et sollt een déi Thematik pragmatesch gesinn. Wann et just drëms geet fir eppes kënnen an d'Längt ze zéien, wat grad sou gutt kënnt ofgeschloss ginn, da bréngt eng Mandatsverlängerung sécherlech näischt.

Här President, am Konvent a ronderëm de Konvent ass d'Thema, wat d'Gemidder am meeschte beweegt, wuel nach ëmmer dat vun den Institutiounen. A grad do besteet en zimlech markéirenden Ënnerscheed tësche verschiddene grousse Staten an deene meeschte Klengen oder Mëttelgroussen, souwuel bei de Membere wéi och bei de Kandidaten. Dat ass eigentlech fir d'éischt an der europäescher Integratiounsgeschicht, datt eng Trennungslinn tëschent den Opfaassunge vu Groussen a manner Grousse besteet; üblecherweis sinn d'Allianzen net der Gréisst no organiséiert.

Dat, wourëms et am wesentleche geet, ass eng Fro vun der Gläichberechtegung vun de Memberstaten. Vill Memberen - oft Klenger a Mëttelgrousser - hunn ëmmer staark op d'Méthode communautaire insistéiert, mat enger staarker Kommissioun als Hidderin vun de Verträg an als eenzeg wierklech europäesch Institutioun, déi net vun den Interesse vun de Memberstaten dominéiert gëtt.

Elo wëllen awer verschidde grouss Memberstaten eng Situatioun erbäiféieren, wou niewent dem Kommissiounspresident eng weider staark Figur soll op d'europäesch Bühn klammen, an zwar e gewielte President vum Europäesche Conseil. Dëse President hätt e längert Mandat, wat eventuell kéint fënnef Joer daueren, a wier eng haaptamtlech Figur, déi souguer ausserhalb vum Europäesche Rot kéint gewielt ginn. Domat wier d'Haaptgewiicht vun den europäesche Présidencen dann erëm op en intergouvernementalen Niveau verlagert.

Dat ass allerdéngs e Virschlag mat deem déi kleng Membere generell net kënne liewen. Lëtzebuerg an eis Benelux-Partner selbstverständlech och net, wéi et och Enn 2002 an engem Memorandum vun deenen dräi State festgehale gouf.

D'Situatioun huet dohigoend evoluéiert, datt eng Rei Member- a Kandidatestaten d'lescht Woch e Pabeier am Konvent erabruecht hunn, wou se sënngeméiss déiselwecht institutionell Vuen duerleeën, wéi se och de Benelux huet; speziell och déi generell Ofleenung vun engem gewieltene Conseilspresident. Mä et geet net nëmmen ëm deen. Mat der intergouvernementaler Approche verbonnen ass selbstverständlech de Stellewäert vun der Kommissioun an där hirem President, d'Asetze vun engem europäeschen Ausseminister, déi communautaire legislativ Prozedur a villes méi.

Et ass am Liicht vun dësem Dissens, datt gëschter e Sommet vu like-minded Memberstate vun der Unioun hei zu Lëtzebuerg stattfonnt huet. An ech hu léiwer deen Term vu like-minded wéi deen Term vu klenge Staten, well en a sech dat méi hiergëtt, wat et hei wëllt soen, datt et eng momentan Reunioun ass vu Länner, wou déiselwecht Gedankewelt, déiselwecht Iddien iwwer e prezise Sujet ass, déi och soss an anere Sujeten - an den Här Fayot huet dat richteg gesot - sécherlech enger anerer Meenung kënne sinn, mä like-minded op dësem Sujet sinn. An dofir gefält mer den Term like-minded besser wéi Sommet vun deene Klengen, deen an dësem Fall och vun der Press an anerwäerts gebraucht gëtt.

***(Interruption)***

Et ass net light-minded. Dat ass richteg. Sou wéi e Journalist e Sommet vun de Light-minded gesot hat.

Et ass am Liicht vun dësem Dissens, datt gëschter e Sommet vu like-minded Memberstate vun der Unioun hei zu Lëtzebuerg stattfonnt huet, doriwwer gouf sech och geäussert, an zwar souwuel positiv wéi negativ. E fréiere sozialistesche Spëtzekandidat huet gemengt, et misst ee vun de siwen Zwergen a vum Gulliver-Syndrom schreiwen an de Klengstatesommet duerstellen als eppes Kontraproduktives, well et de Clivage tësche Groussen a Klenge weider schürt.

Ech sinn awer der Meenung, datt dëse Möchtegerngulliver - loosse mer et emol esou ausdrécken - vun der Lëtzebuerger Politik mat dëser Aschätzung falsch läit.

***(Interruption)***

Neen, neen, et ass och léif gemengt.

Ech mengen net, datt et hei drëm geet fir eng Front vun deene Klengen zesummen ze kréien. Et geet drëm de Länner, déi déiselwecht Meenung an engem prezisen Dossier hunn, d'Méiglechkeet ze ginn, gemeinsam hir Meenung zum Ausdrock ze bréngen. Dat hu mer jo och scho ganz oft an deene leschte Jore mat de Benelux-State gemaach, wou eng Iddiegemeinschaft stoung, déi sech och zesumme gesat huet an am Kader vun der Benelux hir Meenung virbruecht huet. Hei ass eng Erweideerung vun deem Kontext, fir op dësem prezise Punkt weider ze kommen an et ass och wahrscheinlech esou e System vum Zesummefannen…

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här President, ech wollt nach eppes soen. An där Saach hei muss een awer wëssen, datt mir als Lëtzebuerger ëmmer gesot hunn, dass Europa net besteet aus engem Block vu grousse Länner a vu klenge Länner. Dass déi kleng Länner et dacks fäerdeg bruecht hu fir déi Grouss virun ze bréngen, also d'Intérête vun deene grousse Länner net isoléiert däerfe betruecht ginn, a wa mer dat net wëllen, däerfe mer natierlech och net d'Intérête vun deene klenge Länner an de Vierdergrond stellen, fir Europa virun ze bréngen. Heimat soen ech, dass mer kritesch un déi Saach mussen erugoen.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat ass och richteg an dofir hunn ech och léiwer deen Term hei vu like-minded wann een op engem Sujet seng Iddien zesummeleet, well een op deem Sujet därselwechter Meenung ass an déi zum Ausdrock bréngt, fir sech doranner ze expriméieren. Da fannen ech dat eng ganz normal Saach, datt een net soll higoen, fir a regelméisseger Form eng Oppositioun tësche Groussen a Klengen ze maachen. Dat schéngt mer och evident, ass och relativ oft schonn hei esou gesot ginn.

Mä ech muss awer och soen, datt et wahrscheinlech esou e System ass - wou verschidde Länner, wa se sech op engem Punkt eens ginn, fir dann doranner weider ze kommen -, deen an deene leschte Joren an Europa gebraucht ginn ass. Sou ass och den Euro zum Beispill entstanen, wou eng Rei Länner, déi e Schrëtt méi wäit wollte goen, sech zesumme gesat hunn, hir Meenung gebilt hunn an duerno sinn et der méi a méi ginn, an déi Iddi ass iwwerhaapt un d'Rulle komm, well se sou ugefaangen huet. An dofir ass et awer schonn e Prinzip wou ee kann...

Une voix.- Hei ass zwar eng Reaktioun op dat, wat Grousser wëllen.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat ass richteg.

Bon, dee Sujet ass dann ofgeschloss an ech wëllt dann nach verschidden aner Beräicher kuerz beréieren, déi d'Madame Ausseminister ugeschnidden huet. Do wier natierlech de Sujet vun der Politique du siège, wou ech muss soen, datt ech prinzipiell dat, wat am Accord mat der Kommissioun erreecht gouf, begréissen, awer eng Prezisioun wëllt an d'Zilsetzung vun dëser Sëtzpolitik abauen.

Sëtzpolitik ass wierklech sënnvoll wa se sichtbar ass, mengen ech, a sichtbar sinn haaptsächlech Institutiounen. Dat bedeit, datt Lëtzebuerg selbstverständlech seng Roll als Capitale judiciaire et comptable vun der Unioun soll a muss ausbauen. E wichtege Schrëtt an dës Richtung ass d'Usiddlung zu Lëtzebuerg vun der gemeinschaftlecher Patentjuridictioun. Si passt an d'Konzept vun der Geriichtshaaptstad, genee sou - an d'Madame Polfer huet dorop higewisen - wéi den europäesche Parquet an den europäesche Procureur. Hei solle mer drop insistéieren, well déi Institutiounen an eng Prioritéitelandschaft passen an dem Image vu Lëtzebuerg entspriechen.

E lescht Element, wat ech nach wëll beréieren, ass eis eegen Aussevertriedung, also de Réseau vun Ambassaden a Missiounen am Ausland. Selbstverständlech ass et wichteg - op d'mannst sou laang wéi déi diplomatesch Vertriedung wäitgehend eng Affaire vun den Nationalstate bleift, an dat ass se jo nach ëmmer -, datt Lëtzebuerg eng gewësse Presenz an anere Länner weist. Mä och hei wësse mer, datt Lëtzebuerg net alles ka maachen an datt eng gewësse Selectivitéit einfach eng Tatsaach an eng Noutwendegkeet ass. D'Tatsaach ass jo, datt mer eis Méi ginn, an allen EU-Länner direkt present ze sinn, grad sou wéi an enger Partie anere wichtege State mat deene mer op déi eng oder déi aner Manéier verbonne sinn. Alles kënne mer net, an et gëllt déi richteg Prioritéiten ze setzen.

Wichteg ass och a mengen Aen eng Politik vun der geziiltener Kooperatioun mat Länner, déi souwisou op bestëmmte Plaze present sinn an déi eis do mat vertrieden; wéi dat vun der Belsch a vun Holland jo och gemaach gëtt. Wa mer de Prinzip vun enger europäescher Diplomatie eescht huelen, ass dat jo och normal an ass souguer heiansdo en Zeechen. En Zeechen, wat natierlech duerch eisen zueleméisseg séier bescheidenen diplomatesche Corps matbestëmmt gëtt. Mä en Zeechen och op vill méi prinzipiellem Niveau fir eng gebündelt Operatioun an der Uniounsdiplomatie.

Nodeems mer eng allgemeng Zoustännegkeet vun all eenzelner Botschaft vun engem EU-Memberstat fir all Uniounsbierger geschaf hunn, kann ee sech jo eigentlech erwaarden, datt villes fir Lëtzebuerger Bierger oder fir déi Net-Lëtzebuerger Bierger, déi mat eisem Land wëllen a Kontakt trieden, méi einfach gëtt. An där Hinsicht hunn ech mer d'Fro gestallt, wéi d'Matvertriedung vu verschiddenen EU-Staten duerch aner Memberstate konkret fonctionnéiert.

Lëtzebuerg huet op dësem Plang eng strukturell Kooperatioun mat de Beneluxianer - wann ech se emol esou däerf nennen -, déi scho laang an och gutt fonctionnéiert. Mä wéi leet sech zum Beispill e Lëtzebuerger an engem Stat un, an deem Beneluxianer iwwerhaapt keng Ambassade hunn. Et géing mech prinzipiell einfach interesséieren, wéi déi allgemeng Zoustännegkeet vun EU-Botschafte praktesch fonctionnéiert an ech wollt am Fong d'Madame Ausseminister froen, ob mer do schonn Expériencen hunn, ob dat klappt, a wéi dat ofleeft.

An da wëllt ech och als fréiere Fonctionnaire, well ech do d'Erfahrunge gemaach hunn, a well ech weess wéi vill Aarbecht eis Ministèren am grousse Ganzen, eisen Ausseministère am besonneschem, op multilateralem Niveau an de multilateralen Ambassadë maachen, ee Wuert doriwwer soen.

Ech ka mech erënneren, wéi ech Fonctionnaire war, dat ass elo schonn e puer Joer hier, datt mer…

Une voix.- Dir hutt vill Aarbecht geleescht!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Jo, Dir sot dat elo am Geck, mä ech hiewen dat op, well et a sech effektiv an de Présidencen, an alles wat sech ronderëm d'Présidencë gedréit huet, fir déi Lëtzebuerger Beamten, den Ausseministère, déi aner Ministèren, ëmmer eng ganz schwiereg Aufgab war. Ech ka mech erënneren, datt op verschiddenen Dossieren aner Länner mat véier, fënnef Beamte vertruede waren a mir als Beamten eleng fënnef Dossieren haten. Dat hat sécherlech Avantagen, well ee méi gesinn huet wat et am grousse Ganze gi war, mä et hat natierlech och eng ganz Rei Désavantagen.

Ganz oft ass et op deene multilateralen Ambassaden, wou Décisioune geholl ginn, wou villes fir eist Land um Spill steet, och kloer dass mer hei musse present sinn an ëmmer méi present sinn. D'ailleurs net nëmmen den Ausseministère, mä och déi Ministèren, wéi zum Beispill den Travail oder d'Justiz oder wéi och ëmmer wou international Froen zu Bréissel verhandelt a gehandelt ginn, déi spezifesch Sujete sinn. A fir e Land wéi Lëtzebuerg, denken ech, ass et wesentlech, datt mer do musse present sinn, datt mer do mussen eis Roll spillen an datt et net ëmmer evident ass.

An dat bréngt mech och op d'Présidence, well ech denken dass d'Présidence, an haaptsächlech déi nächst, eng Erausfuerderung gëtt. Mir hunn d'Présidencë bis elo ëmmer gutt gemeeschtert. Mir haten och ëmmer excellent Resultater - dat ass richteg, mä dat ass nach laang keng Garantie fir 2005. D'Regierung muss sech selbstverständlech fir déi nächst Présidence d'Moyene ginn, déi hir erlaabt fir déi och zu engem richtege Succès ze bréngen. Well et ass a sech do wou mer wäerten an den Ae vun der Welt als Land gemooss ginn, et ass a sech da wou sech zwou Saache wäerten zur Show stellen.

Éischtens, eis europäesch Astellung, well do miesst sech dann, ob mer wierklech un Europa wëlle weiderfueren. An ech zweifelen net dorunner, a mer hunn dat nach ëmmer gemaach, mä do kënne mer et der ganzer Welt, ganz Europa beweisen.

An zweetens - an dat ass net manner wichteg, dat ass wesentlech fir mech - gëtt do och d'Kompetenz vun eiser Fonction publique a ganz Europa, der ganzer Welt zur Show gestallt, d'Kompetenz vun eiser Diplomatie an och d'Kompetenz vun eiser Politik.

De fait waren déi Lëtzebuerger Presidencen ëmmer positiv. Mä dat huet natierlech och de Problem, well mer ëmmer gutt Presidencen haten, well mer ëmmer gutt Resultater bruecht hunn, och an der Erwaardung vun deenen anere Länner, dass déi Lat wäert relativ héich fir Lëtzebuerg gesat ginn, an dat condamnéiert eis a sech zur Réussite.

Dobäi kënnt, datt d'Erweiderung, déi jo da wäert effektiv sinn, och eng ganz Rei Konsequenzen op d'Presidence wäert hunn an domat eng vun deene gréissten Erausfuerderunge vun eiser Presidence selwer wäert sinn. A wéi ëmmer, denken ech, datt mer och hei als Chamber mussen an där Zäit, wat net ëmmer eng einfach Zäit fir d'Regierung ass, déi noutwendeg Solidaritéit mat der Regierung weisen an och si bei där wichteger Aufgab do ënnerstëtzen.

Här President, ech wéilt hei stoe bleiwen, well et nach laang géif daueren…

***(Interruption)***

Ech wéilt net hei stoe bleiwen. Ech wéilt hei elo ophalen an ech gi mech da sëtzen, wann ech fäerdeg sinn.

Une voix.- Très bien.

***(Hilarité)***

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- …, well et nach laang géif daueren, wann ech all aner wichteg aussepolitesch Sujeten och nach géif verdéiwen.

Ofschléissend wëll ech soen, datt sech an dëser Zäit, wéi esou dacks iwwregens, erëm immens Erausfuerderunge fir d'Lëtzebuerger Aussepolitik stellen. Net, well mer ënner besonneschem Drock vu bausse sténgen, mä well sech vill Opportunitéite bidde fir duerch aktiv Aussepolitik d'Roll vun eisem Land baussent eisen nationale Grenzen ze verstäerken. Dës Opportunitéite solle mer notzen an Europa, am Kontext vun der atlantescher Partnerschaft, an um globale Plang bei de Vereenten Nationen. A ville Momenter a bei ville Geleeënheeten huet sech gewisen, datt d'Stëmm vu Lëtzebuerg zielt.

De gréissten Challenge fir d'Lëtzebuerger Aussepolitik ass et weiderhin dofir ze suergen, datt den Afloss vun eisem Land an Europa an an der Welt net just proportionnel zu eiser Gréisst ass, och an Zäite wou Säite vun der Geschicht amgaange si sech ze schreiwen a wou, wéi ëmmer an esou Zäiten, d'Rieder méi schnell dréinen an d'Welle méi héich schloen. Deem Challenge musse mer eis stellen an ech hoffen, datt mer em och gewuess sinn.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst war déi virleschte Kéier, datt d'Madame Ausseministerin d'Geleeënheet hat hei virun dëser Chamber op d'Erausfuerderunge vun der Lëtzebuerger Aussepolitik opmierksam ze maachen…

***(Brouhaha général)***

Ech widderhuelen nëmmen hir Wierder, just an enger ëmgekéierter Chronologie.

…an ze versichen d'Objektiver an d'Zukunftsvisiounen duerzestellen. Dës Debatt soll dozou déngen ons Iwwerleeungen a Positiounen duerzeleeën an och verschidde Prezisioune vun der Regierung ze verlaangen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Debatt steet ganz kloer ënnert den Zeeche vun dem Irakkrich, der Zukunft vun Europa, der Politik vum Siège vun den europäeschen Institutiounen hei zu Lëtzebuerg an der noutwendeger Reorganisatioun vum Ausseministère fir sengen zukünftege Missioune gerecht kënnen ze ginn.

An der Fro vum Irak huet den ADR sech ganz kloer zum Camp vum Fridde bekannt an ass fir d'Prioritéit vum internationale Recht a fir eng friddlech Entwaffnung vum Irak agetratt. Mir si frou, dass an dëser Fro d'lëtzebuergesch Regierung den 18. Mäerz hei an der Chamber endlech eng kloer Stellung bezunn huet a sech endlech kloer der Meenung vun den Oppositiounsparteien ugeschloss huet, souwéi der Meenung vun de Leit, déi dobausse fir de Fridden manifestéiert hunn, Rechnung gedroen huet. Et ass och vun deem Dag un, dass vun der internationaler Press endlech gesot ginn ass, datt Lëtzebuerg sech an de Camp vum Fridden areit.

Ech mengen dat ass positiv ze bemierken. Mir sinn als ADR net midd gi fir op déi negativ Konsequenze vun engem Krich am Irak hinzeweisen an ons Befierchtungen erweise sech ëmmer méi als richteg. D'irakesch Populatioun verteidegt net esou vill de Saddam Hussein, mä si verteidegt sech virun allem géint eng Invasioun vun hirem Land. D'arabesch Welt gesäit et och esou, speziell wann d'Amerikaner alles maache fir dëst ze ënnermaueren, zum Beispill wa se d'irakesch Fändelen erof zéien an duerch deen amerikaneschen ersetzen.

Mir haten do virdru gewarnt, datt et vill Affer an der Zivilbevölkerung géif ginn, a leider gesi mer ons doranner bestätegt. Mir haten op eng humanitär Katastroph higewisen a si bahnt sech un, well een eenzegt Propagandaschëff mat Liewensmëttel net déi zeg Schëffer ersetze kann, déi néideg wieren an déi virdru bestanen hunn.

Mir gesinn, datt ons Befierchtungen vun den Tensiounen tëschent Kurden an Tierke ganz reell sinn an datt Amerika permanent intervenéiere muss, fir datt et do net explodéiert. Mir gesinn och, datt ons Befierchtungen, wat d'Veronsécherung vun der Regioun am Nokrichsirak, well dat wäert et jo nach eng Kéier ginn, ëmmer méi grouss ginn. Syrien huet eng kloer Ënnerstëtzung fir de Krichseffort vum Irak gemaach. Den Iran hält sech bis elo neutral, mä et gesäit een, datt 15.000 irakesch Exilzaldote prett stinn un der Frontière fir eventuell kënnen anzegräifen.

D'Regierunge vu Jordanien a Saudi-Arabien stinn ënner Drock. Déi arabesch a musulmanesch Welt steet ganz kloer hannert dem Irak a gesäit dee Krich als schlecht un. Mir musse versichen, datt net Amalgamë geschéien tëschent dem Okzident, der Relioun a musulmanesche Kulturen. Do muss een drop oppassen, datt keng Verwiesselunge geschéien, mä leider ass dat awer ee vun de Risiken, deene mer mussen entgéinttrieden.

Den ägyptesche President, den Här Mubarak, huet mat Recht drop higewisen, datt duerch den Irakkrich héchstwahrscheinlech eng honnert nei Bin Laden kéinte waakreg geruff ginn. D'Gefor vum Terrorismus gëtt also duerch den Irakkrich net méi kleng, mä méi grouss.

Mir setzen ons als ADR fir eng Welt an, déi um internationale Recht opgebaut ass an um internationale Recht fousst fir Konflikter unzegoen an ze léisen, an dat op alle Gebidder. Duerfir muss d'Roll vun der UNO gestäerkt ginn, respektiv wann et néideg ass reforméiert ginn, fir dass se hirer Missioun méi gerecht gi kann. Duerfir ass et och wichteg, datt d'Accorde vu Kyoto, d'Welthandelsorganisatioun an d'Cour pénale internationale hirer Roll ëmmer méi gerecht ginn. Duerfir triede mer och fir déi Gremien an, well et sinn si, déi Excèse kënne verbannen a Krise kënnen ofbauen.

An deem Kontext vun der Cour pénale internationale wëll ech awer och d'Kolleegen hei aus der Chamber opfuerderen, déi déi dem internationale Recht Prioritéit wëlle ginn, fir Member ze gi vun der Associatioun vun de Parlamentarier fir eng global Aktioun. Ech mengen et wier richteg, datt bei deenen 110 Länner, déi elo schonn do Member sinn, och Lëtzebuerg mat méi wéi e puer Deputéierte representéiert wier.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Déi ablécklech amerikanesch Administratioun ënnert dem President Bush huet eng aner Visioun vun der Welt. Si hält net vill op dat internationaalt Recht, sauf wann et hiren Intérêten nëtzt. Mir gesinn dat bäi Kyoto oder bäi der Welthandelsorganisatioun. A periodesch, wann et noutwendeg ass, geet Amerika hin a féiert Stoltariffer an, fir nëmmen ee Beispill ze ginn. Mir gesinn och déi negativ Attitude vun Amerika oder wéinstens vun der Regierung Bush géigeniwwer der Cour pénale internationale. Déi amerikanesch Administratioun setzt op en Amerika, dat seng integral Souveränitéit wëllt behalen, wann et a sengen Intérêten ass. Dat soll ënnerstëtzt ginn duerch eng staark Arméi an och mat der Arméi duerchgesat ginn, wa si et fir richteg fannen.

Europa muss sech an der Optik vun enger Muechtpolitik déiselwecht Mëttele gi wéi Amerika, souwuel wat d'Arméi ugeet wéi och wat déi rechtlech Mesuren uginn, déi néideg si fir déi wirtschaftlech Intérête vun de Memberlänner ze verteidegen. Mir sinn der Meenung, datt déi europäesch Länner sech sollen a mussen asetze fir d'Prioritéit vum internationale Recht. Europa däerf net esou naiv si fir ze mengen, datt dat géif vun eleng goen.

Déi europäesch Länner brauchen eng europäesch Aussen- a Verdeedegungspolitik, mä dës Politik muss foussen op enger gemeinsamer Visioun iwwer gemeinsam geopolitesch Ziler an Iwwerleeungen, op enger gemeinsamer politescher Optioun an enger konsequenter Verteidegung vun den Intérête vun onse Memberlänner. Europa muss natierlech och privilégiéiert Lienen mat Amerika hunn an de konsequenten Dialog mat Amerika sichen, mä wann néideg muss Europa, wéi an der Irakkris verschidde Länner et virgewisen hunn, och eng eege Linn kënne goen, wann ons Analys an ons Konklusiounen anescht si wéi déi vun Amerika fir e Konflikt ze léisen.

Fir dat ze realiséiere muss och eng europäesch Sécherheetspolitik bestoen. Fir dat ze realiséiere muss sech Europa och déi néideg militäresch Mëttele ginn. Ech wier frou vun onsem Verdeedegungsminister gewuer ze ginn, wat dann elo um europäesche Plang op deem Niveau geschitt. Mir hunn hei héieren, datt Lëtzebuerg Wělles huet sech un engem Véirelsschëff ze bedeelegen an un engem Fliger, an datt mer ronn 1% vun onsem Produit intérieur brut fir Militärausgabe sollen ausginn. Iwwregens och 1% fir d'Kooperatioun.

De Minister vun den 2% muss ons awer och soen, datt et och drëm geet fir aner Mesuren ze huelen, fir d'Sécherheet hei am Land ze gewährleisten, notamment um Niveau vum Loftraum. Mir hunn hei ganz vill Defizienzen. Et stelle sech ganz vill Froen an eleng dëse Problem wier eng Debatt hei an der Chamber wäert. Mir sinn haut wäit dovunner ewech fir eng europäesch Sécherheets- an Aussepolitik ze hunn. Leider!

Verschidde Länner, wéi England, Spuenien, Portugal a verschidden nei Länner, wéi Polen, schwätze sech fir eng gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik an Europa aus, mä si verstinn dorënner en totalen Alignement vun Europa op d'Aussen- a Sécherheetspolitik vun Amerika. Den ADR ass der Meenung, datt onst Land net op dee Wee vum totalen Alignement vun Europa op d'amerikanesch Aussen- a Sécherheetspolitik goe soll, mä op de Wee vun enger onofhängeger Aussen- a Sécherheetspolitik an enker Frëndschaft mat Amerika. Hei gëllt et fundamental Optiounen an Europa ze huelen. Wann déi europäesch Länner net bereet sinn op dee Wee ze goen, dann ass dat e Beweis datt e federaalt Europa en Hirngespinst ass, war a bleift.

Déi bescht europäesch Institutiounen notzen näischt, wa bäi entscheedende Punkte vun enger Politik an Europa keng Eenegung a keng gemeinsam politesch Visioune bestinn. Den europäesche Konvent schéngt, wat d'europäesch Aussen- a Sécherheetspolitik ugeet, zu därselwechter Konklusioun ze kommen an huet duerfir virgeschloe fir all Referenzen am zukünftegen europäeschen Traité op eng gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik fir fënnef Joer auszeklameren. Ech mengen dat ass e kloert Zeechen, datt mer hei un engem fundamentale Problem sinn, dee mer léise mussen, sief et an déi eng oder an déi aner Richtung, an dass mer dann déi néideg Konklusiounen doraus zéien.

Den zweete Volet, deen ech wollt ugoen, ass dee vun der europäescher Politik an den Institutiounen. Kierzlech hate mer hei an der Chamber eng Debatt iwwert d'Zukunft vun Europa a sengen Institutiounen, wéi mer d'Resultater vum europäesche Konvent diskutéiert hunn. Mir hu bei dëser Geleeënheet eis Positioune kloer gemaach. Duerfir brauch ech net drop zréckzekommen.

Ech wëll awer nach eng Kéier kloer rappeléieren a soen, datt den ADR verlaangt, datt dat Resultat, wat bei den zukünftegen Institutiounen an hirem Fonctionnement erauskënnt, engem Referendum hei am Land muss ënnerworf ginn. Mir sinn och frou dass Lëtzebuerg an där Debatt, déi elo kierzlech zu Stane komm ass tëschent deene likeminded Länner. oder klengen a mëttlere Länner, versicht op verschiddene Punkte mat deene Länner, wou et méiglech ass, eng Eenegung ze fannen. Si begréissen notamment, datt fir d'éischte Kéier Irland do an deem Gremium mat dran ass. Ech hoffen, datt dat zu positive Resultater féiere kann an datt mer ons do mat e puer Punkte kënnen an der europäescher Politik duerchsetzen.

Madame Ausseministerin, Dir hutt gëschter mat Recht op de Referendum vu Malta higewisen, wou d'Bevölkerung gefrot ginn ass fir sech zu Europa ze bekennen. Ech mengen awer, datt et och wichteg wier datt hei zu Lëtzebuerg eng Kéier déi Geleeënheet fir d'Lëtzebuerger Bierger géif bestoen. Augenblécklech ass et jo esou, datt all Kéiers déi national an déi europäesch Wahlen zesummefalen an datt dat dozou féiert, datt nëmme méi iwwert d'national Politik geschwat gëtt a ganz wéineg iwwert d'Europapolitik.

Ech menge bei der Geleeënheet vun dem Schlussresultat vun der Debatt iwwert d'Institutiounen ass a bleift et noutwendeg, datt och Lëtzebuerg eng Kéier mat senge Bierger e reellen Dialog féiert iwwert de Wee vum Referendum iwwert d'Zukunft an iwwert d'Roll vun Europa. Ech bedaueren duerfir, datt déi Motioun, déi mer bei de leschten Debatten erabruecht haten, majoritär verworf gouf.

En anere Punkt, Madame Ministerin, deen och an den Debatte vun lech ugeschwat ginn ass, ass dee vun der Adhésioun vun der Tierkei. Ech muss lech éierlech soen, datt mir der Meenung sinn, datt zu dësem Zäitpunkt all Négociatioune mat der Tierkei kee Sënn maachen an héchstwahrscheinlech och an der Zukunft net vill Sënn wäerte maachen, well dat soss zu ganz ville Problemer wäert féieren. Mir si ganz skeptesch vis-à-vis vun der Iddi op dee Wee ze goen an dat Ganzt nëmme fir den amerikaneschen Alliéierten entgéintzekommen. Et gesäit een awer och, dass d'Tierken den Ablack net hésitéieren hir eege Weeër ze goen, souguer wann Amerika staark gedréckt huet fir se an Europa eranzebréngen.

Hei ass et ganz kloer datt mer ganz ville Schwieregkeete kënnen aus dem Wee goen, wa mer der Tierkei kloer soen, datt si hir Plaz net an Europa huet. Mir sinn der Meenung, datt och verschidde Punkte vun dem europäesche Conseil musse preziséiert ginn.

Madame Ministerin, Dir hutt, wat de Conseil vun den europäeschen Ausseministeren ugeet, verschidden Attituden ageholl, wou ech lech just nëmme biede géing lech kloer auszedrécken, ob Der fir eng Opspaltung vun dem augenblécklech Conseil sidd an e Conseil affaires générales an e Conseil affaires de politique étrangère, relations extérieures, oder ob Der do dergéint sidd. Ech mengen dat wier eng Prezisioun, déi noutwendeg wier.

Drëtte Punkt: d'Siègepolitik. Madame Ministerin, mir si frou datt Der ons hei konnt annoncéieren, wéi mer et iwwregens och schonn an der Press liese konnten, datt 3.400 Posten hei zu Lëtzebuerg ofgeséchert sinn. Dir hat ons gesot déi wieren definitiv ofgeséchert. Wann ech awer d'Press liesen, ass et awer nëmmen definitiv bis d'Joer 2010. Dofir stellen ech d'Fro: Wat geschitt duerno? Bleiwe mer do nees erëm an enger Inconnue mat dran? Et ass wichteg datt mer ons hei kloer sinn, datt dat Resultat, wat bis elo erreecht ginn ass, gutt a positiv fir onst Land ass, mä datt sech awer nach e puer Froe stellen.

Ech gleewen net, datt d'Presenz hei zu Lëtzebuerg vun den Institutiounen, wéi déi vum europäesche Geriicht, dem Eurostat an der Banque européenne d'investissement vill contestéiert gëtt, mä et ass kloer datt en Europaparlament mat dräi verschiddene Sëtz nach laang zu Diskussioune féiere wäert. Do muss ee festhalen, datt eng Direktioun elo nees erëm fortgaangen ass. Ech weess net, ob déi lëtzebuergesch Regierung Wělles huet do Recours anzereechen. Ech stellen do d'Fro. Ech mengen, Dir hutt lech nach net kloer do ausgeschwat. Egal wéi, et muss ee festhalen, datt se fort sinn.

Deen anere Punkt, deen ee muss festhalen, ass, datt bei deene ganze Servicer a Leit, déi bei der Traductioun schaffen, nach net villes ofgeséchert ass. Si kënne beispillsweis privatiséiert ginn oder si kënnen ausgelagert ginn a Länner wou et méi bëlleg ass fir se ze beherrbergen, well et jo u sech fir d'Traductioun egal ass a wat fir engem Land se sech befënnt.

Da muss een och op en anere Punkt agoen, wou ech net weess, ob Dir de richtegen Uspriechpartner duerfir sidd, mä ech wëll et awer wéinstens mat ugoen, dat ass de Käschtepunkt vun der Implantatioun vun den neien Institutiounen. Mir hunn zwee nei Tierm elo baue gelooss, wou mer ons als Land engagéiert hu fir 28 Euro, dat heescht ronn 1.300 Frang de $m^2$ während Joren ze bezuelen, mä et ass nach keng Rieds gaange vun engem Loyer, dee vun den europäeschen Institutioune fir ons Gebailechkeete soll bezuelt ginn, fir emol ze kucke wat ënnert dem Stréch ons dann Europa kascht.

Et wier wichteg, Madame Ministerin, wann Der der Chamber - wann Dir et kënnt oder wann dat an de Kompetenze vun der Bauteministesch ass, da musst Der ons dat soen - kënnt soen, wéi sech déi finanziell Lag fir onst d'Land op deem Gebitt stellt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de fréiere Generalsekretär am Ausseministère hat a senger Note op eng etlech Problemer higewisen, wou ech haut frou sinn, Madame Ministerin, datt Der déi Note do awer esou positiv befollegt hutt, wéi Der et elo ugekënnegt hutt. Ech hat an der Eischt geduecht, Dir wäert relativ kritesch vis-à-vis vun där Note, mä wann ech awer hei héieren, datt Der wëllt déi bilateral Bezéiungen nees weider ausbauen, datt Der wëllt als Service provider fir déi eenzel Ministères déngen, datt d'Personal fir d'Missioune muss gehéicht an opgestockt ginn, an datt Der och eng Virbereedung vun der Présidence wëllt endlech a konsequent duerchzéien, da gesäit een, datt dat awer en Deel vun deene Préoccupatioune waren, déi an der Note opgeworf gi sinn a wou bedauert ginn ass, datt vläicht net dat richtegt zu gegebener Zäit gemaach ginn ass. Mä wichteg ass, datt et geschitt. Mä Dir hutt och Problemer selwer an der Organisatioun, respektiv an der Réorganisatioun vun Ärem Ministère. Wat wichteg ass, ass dat wat herno ënnert dem Stréch eraus kënnt, an et ass Är Responsabilitéit bien entendu fir lech esou ze organiséiere wéi Der et fir richteg fannt.

Nach muss ee bedaueren, datt an där Debatt, déi mer hei an der Chamber mat lech haten, ganz kloer zum Ausdrock komm ass, datt eng 4 bis 5% vun der Belegschaft Problemer duerstellen, well se hir Aarbecht net kënnen oder wëlle maachen. Mir sinn hei gewuer ginn, datt zum Beispill ee Beamte wuel eng Pai kritt, mä datt en näischt muss dofir maachen. Do wonnert et een, datt do net den administrative Wee gesicht gëtt, fir esou Leit aus engem Ministère eraus ze huelen. Ech verstinn dat éierlech gesot net. A wa meng Informatioune richteg sinn, war och esou eng Prozedur agereecht ginn, mä si ass politesch ofgebremst ginn.

***(Interruptions)***

Dir kritt jo Geleeënheet fir herno dorobber ze äntwerten.

Dat eenzegt, wat awer elo nach feelt, Madame Ministerin, dat ass d'Festleeë vu Prioritéiten. Mir wësse ganz genau, datt Lëtzebuerg net kann an alle Gremien a bei alle Saachen dobäi sinn. Elo gëtt et d'Méiglechkeet fir dat ze maachen, wat traditionell ëmmer gemaach ginn ass, dat ass fir Pompjeeskommandant ze spillen an, do wou Feier ass, kucke fir ze reagéieren. Mir mengen datt et besser wier fir zesumme mat der Chamber hinzegoen a Prioritéite festzeleeën, wou d'Lëtzebuerger Aussepolitik soll hir Aktioune méi staark an d'Woschuel bréngen. Dat ass eppes wat ablécklech feelt.

Et besteet en Dialog tëschent der Chamber an lech, Madame Ministerin, wat déi courant Affären ugeet. Mat anere Ministèren ass deen Dialog um Nullpunkt a mir hoffen, datt bei dësen Debatten, an och bei deenen aneren Debatten, déi mer an der Zukunft iwwer Europa hunn, iwwer méi e grousst Abezéie vun den nationale Parlamenter an déi europäesch Politik, datt déi eenzel Ministèren, mä och d'Chamber, sech d'Moyene ginn, fir deenen Erausfuerderunge gerecht ze ginn, fir ons Bierger besser kënnen ze verteidegen, doduerch datt mer am Virfeld vun den Décisiounen an op Basis vu klore Prioritéite kënne mat schwätzen a mat décidéieren, am Intérêt vun onse Bierger a vun onse Leit.

Madame Ministerin, mir mengen als ADR - am Résumé -, datt Prioritéit muss sinn um internationale Recht, datt Realitéite vun enger multipolarer Welt dozou féieren, datt onst d'Land mat deene Länner, déi et wëllen, fir eng eegestänneg Aussen- a Sécherheetspolitik soll antrieden.

Mir mengen och datt et wichteg ass, datt an den europäeschen Institutiounen Demokratie esou gutt wéi méiglech verankert gëtt an datt mer méi e grousst Matsproocherecht vun den nationale Parlamenter kënnen duerchsetzen am Intérêt vun onse Bierger.

Mir hoffe mat Iech, datt mer ons national Institutiounen, ons Ministèren an ons Administratiounen esou kënnen ausstatten, datt mer déi Missiounen, déi ons an Europa entgéint stinn, kënnen esou bewerkstellege wéi et vun onse Bierger a vun onse Betriber gefuerdert gëtt.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den nächsten Orateur ass den Här Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, zënter zwou Wochen ass de Krich am Irak elo amgaang an ech muss soen, wann ee kuckt wat um Terrain geschitt bei alle Reserven, déi een natierlech ëmmer dobäi muss hunn, well jo de Gros vun Informatiounen, déi een de Moment kritt, eigentlech gréisser Propagandainformatioune sinn an een ni esou richteg weess wéi d'Realitéit um Terrain ausgesäit, mä eng Rei Indizië weisen awer ganz däitlech drop hin, datt déi schlëmmste Befierchtungen, déi mer haten, a firwat mer eigentlech och alleguerten heibanne géint dee Krich do waren, antreffen.

Elo scho kann ee mat Sécherheet soen, datt zu dësem Zäitpunkt honnerte vun Zivilisten den Doud fonnt hunn, datt dausende vun onschëllegen Ziviliste schwéier verletzt gi sinn am Irak. Et kann een och elo scho feststellen, datt ganz Stied no deem Krich do riskéieren a Schutt und Asche geluecht ze sinn a kaum nach ee Steen op deem anere steet. Et ass och esou, datt den Asaz vun ëmmer méi onprezisen, an et kann ee roueg entre-temps soe Massevernichtungswaffen, well verschidde Bommen, déi do agesat ginn, déi hunn d'Sprengkraaft vun enger Massevernichtungswaff, datt déi ëmmer méi wahnsinneg Dégâten uriichten. Et kommen och entre-temps Waffen zum Asaz, déi eigentlech international misste geächt ginn, wéi zum Beispill déi berühmte Streebommen, déi eendäitegerweis haaptsächlech agesat ginn ouni Rücksicht op Verloschter par rapport zur Zivilbevölkerung, haaptsächlech par rapport zu de Kanner an alen a méi schwaache Leit.

Et ass och esou datt déi am militäresche Sproochgebrauch kollateral Schied ëmmer méi massiv an ëmmer méi grouss ginn. An deene leschten zwee Deeg stelle mer ëmmer méi Bavurë fest déi, kann ee bal soen, op eng relativ zynesch Aart a Weis vum Militärapparat kommentéiert ginn nom Motto: Wann do esou vill Kanner an enger Camionnette erschoss gi sinn, dann ass dat net eis Schold, mä dem Saddam Hussein seng Schold, oder dem Regime seng Schold, an domadder huet d'Saach sech a mir ginn erëm zur Dagesuerdnung iwwer, guer net dovun ze schwätzen, datt déi ganz arabesch Welt de Moment regelrecht kacht, datt Dag fir Dag Manifestatiounen ustinn an datt eigentlech nëmmen et ze verdanken ass, datt mer an deene meeschten arabesche State genau esou Despoteregimer hu wéi am Irak selwer, datt et net scho längstens zu Massenopstänn komm ass. Et gëtt eng Rei Länner wou et evident ass, datt d'Bevölkerung nëmmen ënner Kontroll gehale gëtt, well eng extreem Repressioun ugewannt gëtt, well Manifestatiounen entweder carrément verbuede ginn, oder duerch héich militäresch a polizeilech Presenz ageschüchtert gëtt, an duerch den Asaz vu Gewalt verhënnert gëtt, datt et zu Ausschreidunge kënnt.

A wat nach vill méi schlëmm ass bei all deem Misär a bei all deene Risiken an deene Flächebränn, déi mer de Moment schonn hunn, datt déi eigentlech Zilsetzung vum Krich iwwerhaapt net méi am Vierdergrond steet. D'Zilsetzung - d'Madame Ausseminister huet se gëschter versicht nach eng Kéier ze beschreiwen op Basis vun den Diskussioune wéi se an der UNO stattfonnt hu vu September 2002 un – war, wéi all Mënsch weess, déi vermeintlech Massevernichtungswaffe vum Regime vum Saddam Hussein ze eliminéieren. Vun där Zilsetzung schwätzt kaum nach een. Et geet entre-temps ëm ganz aner Saachen.

A wann een déi lescht Deeg a Wochen e bësse méi kritesch Kommentare konnt héieren, mä och esouguer eng Rei méi offen ausgesprache Saache vun der amerikanescher Administratioun, da kommen déi wierklech Ziler vum Irakkrich ëmmer méi zum Virschäin. Dat ass éischtens d'Ofsécherung vu wirtschaftlechen Interesse vun de Vereenegte Staten a vun England an där Regioun. Zweetens, eng Machtdemonstratioun fir geoa weltpolitesch Ziler. Drëttens, an dat ass dat Allerschlëmmst géing ech souguer soen, déi direkt Geschäftemacherei vun US Multinationalen, virun allem déi direkt Implikatioun vun héchste Vertrieder vun der Bush-Administratioun an déi Geschäftemacherei op Käschte vun dausende vu Leit.

D'Spëtzt dovunner konnte mer nach gëschter an engem excellente Reportage beim zweeten däitsche Fernseh kucken, dat ass déi Firma, déi elo ëmmer erëm am Gespréich ass, wou de Vizepresident vun de Vereenegte Staten nach bis d'Joer 2000 ee vun de führende Leit dovunner war an déi entretemps wierklech Milliarde Gelder un deem Krich am Irak verdéngt.

Eigentlech ass et relativ dramatesch, datt amplaz no deem schlëmmen Ereignis vum 11. September nogeduecht ginn ass, firwat et zu deenen Terroruschléi do komm ass, dëst Ereignis ausgenotzt ginn ass an nodréiglech instrumentaliséiert ginn ass, fir déi dräi Punkten, déi ech virdrun opgezielt hunn, an net den Terrorismus eigentlech bekämpft ginn ass.

Et wäert och esou sinn, an dat ass an der Zwëschenzäit relativ kloer, datt, wann dee Krich hei fäerdeg ass, niewent allen Dégâten, déi dat mat sech bréngt, den Terrorismus net manner, mä éischter méi grouss wäert ginn. Alles deit op jidde Fall dorobber hin.

Wat nach méi dramatesch ass, dat ass dass déi Koalitioun, déi zu Stane konnt bruecht ginn nom 11. September, wou et souguer fäerdeg bruecht gi war de Gros vun den arabesche State mat dran ze kréien, definitiv an de Koup geschoss ass. Op déi brauch een dono net méi ze zielen. Et ass elo schonn ersichtlech, virun allem déi Drénglechkeetssëtzung, déi beantragt gi war vun den arabesche State vum Weltsécherheetsrot, huet dat verdäitlecht, datt keen ee Regime, egal wéi repressiv an despotenhaft en nach fonctionnéiert, souguer an der arabescher Welt, et sech ka leeschten déi dote Koalitioun an Zukunft nach mat ze droen, mat alle Konsequenzen déi dat huet.

E weideren dramateschen Niewenaspekt vun där ganzer Kris hei ass, dass an Israel déi duerch déi lescht Wahle gestäerkten ultrakonservativ Regierung vum Här Sharon dem Palästinakonflikt alles aneschters wéi eng Chance gëtt geléist ze ginn an deenen nächste Joren. Et ass souguer esou, dass dee Konflikt am Moment ausaart, well déi israelesch Regierung quasi am Schied vum Irakkrich versicht eng Repressioun auszeüben an de Palästinensergebitter, déi eigentlech hiresgläiche sicht an deene leschte Joren, mat alle Konsequenzen déi dat fir d'zukünfteg Entwécklung an der Géigend vun Israel a Palästina hu wäert, respektiv fir d'Behiewung vum Palästinakonflikt.

Ech muss och soen, datt wann d'Madame Ausseminister gëschter hei gesot huet, datt all déi dote Problemfelder tëschent der Europäescher Unioun an den USA net doriwwer dierfen ewechtäuschen iwwert déi gemeinsam Wäerter, déi eigentlech déi europäesch Länner an och Lëtzebuerg mat de Vereenegte Staten hätten, een awer ganz staark preziséiere muss ëm wat fir eng Wäerter et sech dobäi handelt.

Op alle Fall ass et fir mech ganz kloer, dass wann et sech drëm dréint fir op d'Wäerter, déi zum Beispill an der amerikanescher Constitutioun stinn, ze verweisen, da kann een domadder nëmmen averstane sinn. Oder wann et sech zum Beispill ëm d'Wäerter dréint, déi vun enger ekrasanter Majoritéit vun der amerikanescher Classe intellectuelle de Moment verteidegt ginn, da kann een och nëmmen domadder d'accord sinn.

Wann et sech awer ëm d'Wäerter vun der aktueller Bush-Administratioun handelt, da kann een awer nëmme soen, dass ee sech domat guer net identifizéiere kann. Et ass esou, datt een do eigentlech nëmme kann d'accord si mat de relativ haarde Wierder, déi den amerikanesche Cinéaste Michael Moore kierzlech zu Los Angeles bei der Verleihung vun den Oscare gebraucht huet wéi hien den Oscar iwwerreecht kritt huet fir säin Dokumentarfilm, wou hien déi aktuell Bush-Administratioun mat enger Junta verglach huet, déi relativ skrupellos just hir eegen Interessen verteidegt an déi och nach an de Kontext setzt vun enger äusserst zweifelhaft religiös ugehauchter Ideologie, enger, kann ee scho bal soen, sektenhafter religiöser Ideologie, déi mat der traditionell chrëschtlecher Relioun rose wéineg ze dinn. Souguer bis zum Poopst huet sech jiddfereen dovunner distanzéiert.

Et kann een nëmmen hoffen, datt déi Wäerter, déi vun där Administratioun vertruede ginn, a gutt 1,5 bis zwee Joer, wann an de Vereenegte State Wahle sinn, vun den Amerikaner selwer ofgewielt ginn.

Ech mengen, wann ee sech déi Zitater emol nach eng Kéier zu Gemitt féiert, déi vereenzelt Vertrieder vun där doten Administratioun an deene leschten zwee Joer a souguer doriwwer eraus - mä ech wëll mech elo limitéieren op déi lescht zwee Joer - zum Beschte ginn hu bei verschiddenste Geleeënheeten, da kann et engem nëmmen äiskal de Réck erof lafen.

Wann een eleng de Sproochgebrauch analyséiert, dee vun deene Leit gebraucht gëtt, da fillt ee sech éischter zréckversat an d'Mëttelalter wéi am 21. Jorhonnert. Et gëtt do geschwat vu Staten, déi ausgeläscht gi mussen, vun engem Kräizzuch géint den Terror. Et gëtt gesot, datt den 11. September e schlëmmen Dag gewiescht wier an der Geschicht vun de Vereenegte Staten, mä datt en elo dozou misst als eng Chance benotzt gi fir Amerika erëm esou staark ze maachen, datt et iwwerall an der Welt agéiere kënnt, well et net méi géing zu Protester féiere wann déi éischt Läichesäck géingen heemgefouert ginn. All déi Zitater, déi ech Iech elo hei virliesen, sinn net vu mir erfonnt. Dat sinn Originalzitater vun den Häre Rumsfeld, Wolfowitz a wéi se alleguerten heeschen.

Et gëtt gesot datt een dat Béist misst an engem monumentale Kampf ugoen an datt een all dat Béist misst killen. Et gëtt souguer dovunner geschwat, datt een näischt an esou Konflikter däerft ausschléissen, inklusiv den Asaz vun Atomwaffen, en Zitat vum Här Rumsfeld, rezenterweis souguer nach. Ech kéint déi Lëscht hei viruféieren. Et gëtt entre-temps, wann ee sech amüséiere wëllt, um Internet regelrecht Siten déi opgestallt gi sinn, wou déi Zitater opgelëscht ginn, déi wierklech relativ schlëmm sinn, wann een déi emol nach eng Kéier alleguerten noliest, mä déi awer gutt ënnersträiche mat wat mer hei konfrontéiert sinn.

Mir sollen eis och duerfir näischt virmaachen: Dee Konflikt Europäesch Unioun/USA, an entretemps ass et jo net nëmmen eleng e Konflikt Europäesch Unioun/USA, mä och Russland/Vereenegt Staten an och China/USA, dee geet wäit iwwert d'Irakproblematik eraus. Dat huet net nëmme mat deem Krich ze dinn am Irak, mä dat huet och mat ganz anere Froen ze dinn.

Déi nämlecht Divergenzen, Konflikt- a Reibungspunkte fënnt een nämlech erëm, wann een d'Négociatiounen am Kader vun der OMC kuckt, wou ee gesäit datt do erëm eng Kéier déiselwecht Konflikter erëmkommen. Dat fënnt een erëm, wann diskutéiert gëtt iwwer Klimaschutz an der Welt, Stéchwuert „Kyoto-Protokoll". Dat fënnt een zréck, wann een diskutéiert iwwert deen internationale Strofgeriichtshaff, dee mer Gott sei Dank elo endlech zu Den Haag awer installéiere konnten, an dat fënnt een och zréck, wann een iwwer Konventiounen diskutéiert, déi d'Ächtung vun alle Massevernichtungsmëttele garantéiere sollen.

Et ass esou datt ee sech, och wann een natierlech versiche muss all diplomatesch Mëttelen a Weeër auszeschöpfe fir iwwert den Dialog ze versiche sech do méi nozekommen, näischt virmaache soll, datt déi Reibungspunkten do éischter méi grouss wäerte gi wéi méi kleng an deenen nächste Méint a Joren.

Et ass duerfir scho bal eng Banalitéit oder eng banal Feststellung, wann een an deem Kontext d'Fro opwërft, ob déi EU-Aussepolitik dann elo endlech muss esou eng ginn, déi den Numm och verdéngt, an net eng wéi déi, déi mer an deene leschte Wochen a Méint erlieft hunn. Net nëmmen eng EU-Aussepolitik, mä och eng dementsprechend Sécherheets- a Verteidigungspolitik.

D'Schwieregkeet, déi sech natierlech stellt bei deene Froen do wéi een zu enger europäescher Aussen-, Sécherheets- a Verteidigungspolitik kënnt, leien natierlech am Detail, déi leien an der Aart a Weis wéi een de Kader gesäit fir esou eng gemeinsam Politik. Do ginn d'Meenungen de Moment nach relativ wäit auserneen. A grousse Linnen ass et nach relativ einfach iergendee Schema do ze skizzéieren, mä soubal et dann ëm Detailfroe geet, da gesäit et schonn e bëssen aneschters aus. Ech wëll vläicht vun eiser Säit aus eng Rei Iwwerleeungen haut erabrénge wéi mir mengen, datt esou eng Politik misst ausgesinn.

Éischtens ass et eiser Meenung no esou, dass laangfristeg d'Sécherheet vun der Europäescher Unioun an doriwwer eraus vun der Weltgemeinschaft net primär, kann ee bal soen, duerch eng militäresch Schlagkraft vun der Europäescher Unioun garantéiert gëtt. Et ass net esou, dass mer elo als alleréischt, eiser Meenung no, mussen nodenke wéi mer genau dat nämlecht maache kënne wéi déi Vereenegt Staten, nämlech ons och esou e super militäreschen Apparat opzebauen an dann ze mengen, dass mer duerch esou eng Drohkuliss d'Situatioun op der Welt verännere kënnten.

Et ass éischter esou, datt d'Fäegkeet vun der Europäescher Unioun muss garantéieren, dass mer et fäerdeg bréngе politesch a wirtschaftlech Stabilitéit net nëmmen an de Regioune vun der Peripherie vun der Europäescher Unioun, mä doriwwer eraus ze garantéieren, datt souzesoen d'Europäesch Unioun e gewëssene Modellcharakter muss kréien, deen en aneren ass wéi dee vun de Vereenegte Staten, deen nämlech net nëmmen opbaut op Dominanz a Stäerkt a militäreschen Apparat, mä dee virun allem opbaut op eng Rei Initiativen, déi d'Europäesch Unioun och an deem Kontext schonn an der Vergaangenheet geholl huet, déi eiser Meenung no de Wee weisen, deen ee muss goen.

Ech wëllt der e puer opzielen, fir dat ze skizzéieren. Dozou zielen zum Beispill esou Saache wéi de Code of Conduct fir Waffenexporter, deen an der Europäescher Unioun an den 90er Joren décidéiert ginn ass. Dozou zielen och déi Campagnë géint Anti-Persouneminen, déi gemaach gi si vun der Europäescher Unioun. Et gehéieren esou Saachen derbäi wéi en TACIS-Förderprogramm fir Osteuropa, oder en Ofkommes mat de fréiere GUS-Staten. Et gehéieren och esou Saachen derzou wéi de Stabilitéitspakt fir Süd-Ost-Europa, dee geholl ginn ass, d'Barcelona-Ofkommes fir de Mëttelmierraum, Fördermëttel fir regional Kooperatioun mat Afrika, Asien a Latäinamerika, oder och wéi zum Beispill den Hëllefsprogramm an den 90er Jore fir Palästina.

Dat ass d'Réckgrat op dat muss opgebaut ginn, fir eng preventiv Friddenspolitik ze kréien. Déi dote Weeër aus der Vergaangenheet vu preventiver Friddenspolitik musse prioritär ausgebaut ginn an ech mengen och da kënne mer et fäerdeg bréngе fir opzeweisen, datt et en anere Modell gëtt wéi deen dee mer de Moment virdemonstréiert kréien déi aner Säit vum Atlantik.

Mir mussen dofir oppassen, datt déi preventiv Politik, déi ech un Hand vun enger Rei Beispiller aus der Vergaangenheet opgewisen hunn, déi an der Zukunft sollen ausgebaut ginn, datt déi déi néideg finanziell Mëttele kritt, fir datt déi ka weider ausgebaut ginn. An datt der vill sinn, datt déi substantiell sinn, dat schéngt mer evident ze sinn, an dofir musse mer virun allem oppassen, datt se net ënnergruewe ginn duerch elo nei enorm finanziell Belaaschtungen, déi mer mussen opbréngen duerch oniwwerluechte militäresch Oprüstungspläng, déi sech eventuell elo kënnten am Äifer des Gefechts och à la lumière vum Irakkonflikt als plausibel no baussen ofzeechnen, mä wann ee se awer am Detail kuckt, sécher awer manner plausibel sinn.

Et ass evident, och mir sinn der Meenung, et brauch ee militäresch Strukturen an der Europäescher Unioun, mä mir mengen awer net datt déi militäresch Strukturen an der Europäescher Unioun dee Charakter sollen hunn oder kréien, dee se zum Beispill haut an de Vereenegte Staten hunn.

Den Ausbau oder den Opbau vun enger staarker héich opgerüsteter EU-Arméi ass 100%eg sécher eiser Meenung no net déi éischt Prioritéit, déi een elo muss op d'Dagesuerdnung setzen an deenen nächste Méint a Joren, mä vill méi wichteg ass et fir déi Gelder ze benotze fir Konzepter ze entwéckelen, zum Beispill och fir Rüstungskonversioun ze maachen, eng Rüstungskonversioun déi weltwäit e Modellcharakter kënnt hunn, wéi mer et endlech kënnte fäerdeg bréngе fir Atom- oder aner Massevernichtungswaffen ganz vun der Äerdfläch ewech ze kréien, fir datt déi ganz ofgeschaaft ginn. Dat gëllt iwwregens net nëmme fir déi Länner, déi mer aklasséieren als Despoteregimer, mä dat gëllt och fir déi Länner, déi dat net sinn, wéi zum Beispill d'Vereenegt State selwer oder och awer Frankräich oder Groussbritannien. Et ass esou, wa mer gären hätten datt mer net de Risiko lafen an deenen nächste Joren, zumools och elo nodeem wat geschitt ass am Irakkonflikt, datt e Striewen, eng regelrecht Course entsteet weltwäit fir un esou

Waffen ze kommen, well et jo einfach esou ginn ass entre-temps, an do kann ee jo schonn éischt Indicen dovu feststellen, datt jiddferee mengt wann ech där bis hunn, da sinn ech a Sécherheet vun Attacken, par rapport zu egal wiem, da kann ech och intern egal wat maachen.

Dofir muss et éischt Zil si fir mam gudde Beispill virzegoen, fir ze soen: D'Zil muss sinn déi dote Waffen insgesamt weltwäit ofzeschafen an net um europäeschen Niveau eventuell elo nach auszebauen.

Eng gemeinsam europäesch Aussen- a Sécherheetspolitik däerf dofir eiser Meenung no op kee Fall op dem nuklearen Ofschreckungsmodell opbauen, mä au contraire, si muss erëm opbauen, dat muss goen deen ofzebauen.

Mir sinn awer der Iwwerzeegung, datt esou eng Politik op dräi Grondprinzipie misst opbauen. Deen éischten ass deen, an dat schéngt mer am Moment emol dee wichtegsten ze sinn, datt mer mussen eng massiv Ofrüstung an d'Wee leede weltwäit oder kréien an och eng massiv Rüstungskontroll kréien, an déi muss sech op e puer Niveauë situéieren. Et ass kloer, datt eng gewandelt europäesch Aussen- a Sécherheetspolitik muss opbauen op eng Reduzéierung vun de grousse Waffenarsenaler insgesamt, a si muss opbauen op eng Ëmrüstung vu bestoenden Truppendeeler, déi dann eben net méi géingen opbauen op esou Massevernichtungspotenzialer, mä éischter op de konventionelle Beräich. Mä dobäi muss een awer och soen, datt et domadder net duer geet, datt och dee konventionelle Rüstungsberäich enger strenger Kontroll richteg muss ënnerworf ginn. Esou zum Beispill misst et endlech emol fäerdeg bruecht ginn datt ausgemustert Arméibestänn zerstéiert ginn, amplaz datt se ëmmer nach un drëtt State weider verkaaft ginn. Do ass keen en Engel de Moment, och net an der Europäescher Unioun. Dat gëtt weider mat relativem System vun alle Länner an der Europäescher Unioun gemaach.

Et ass awer och esou datt mer der Meenung sinn, datt dee Verhalenskodex fir d'Waffeliwwerunge vum Juni '98 misst en integrale Bestanddeel gi vun enger gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik. Dat heescht, dee misst vill méi e verbindleche Charakter kréien, wéi dat bis elo de Fall ass.

Eng zweet grouss Achs, dat wier natierlech d'Preventioun. Bei der Preventiounspolitik muss et virun allem drëms goe sozial an ekologesch Niewewierkunge vum sougenanntene fräie Welthandel, déi sozial an ekologesch kollateral Schied, déi do de Moment permanent entstinn, versichen ze évitéieren an datt mer haaptsächlech eis mussen asetzen och an deem Kontext fir de Schutz vun de Mënscherechter. Et muss an der Zukunft esou sinn, datt wirtschaftlech Kooperatiouns- an Entwécklungspolitik nëmmen nach ënner ekologesch a soziale Standarde gemaach gëtt an datt effektiv den eegennëtzege wirtschaftlechen Interesse an deem Kontext absolut niewerangeg gëtt. Et kann een net behaapten, datt een dee guer net méi soll a Gewiicht fale loossen, mä op alle Fall muss dat Niewesaach ginn.

Fir datt mer dat awer kréien, ass et och kloer, datt mer eng Reform musse kréie vun internationalen Institutiounen, wéi dem IWF, der Weltbank, oder och der WTO. Dat sinn Institutiounen déi haut gréisstendeels fonctionnéieren ënnert der Dominanz haaptsächlech vun de Vereenegte Staten, mä net nëmmen, a wou haaptsächlech awer am Moment déi Institutioune vun deene groussen Industrienatioune benotzt ginn. Et kann ee quasi soen, fir hir eege Wirtschaftinteressen duerchzesetzen. Dat sinn och Institutiounen, déi eigentlech opgebaut sinn op enger Situatioun vun nom Zweete Weltkrich, a vu que datt mer haut awer eng wäitgehend aner Weltsituatioun hunn, ass et zimlech kloer, mir brauchen esou Institutiounen, mä déi musse staark reforméiert ginn an an engem Sënn reforméiert ginn, wéi ech et virdru gesot hunn.

An dann e wichtege Punkt: Demokratie, Rechtsstaatlechkeet a Minderheetsrechter mussen zu allgemenge Mënscherechter ginn a si mussen effektiv dozou bäidroen, datt mer eng Stabiliséierung kréie vu krisenufällege Staten, an et muss fäerdeg bruecht ginn dës Rechter iwwerall duerchzesetzen, dat heescht och do duerchzesetze wou een heiansdo mengt si géingen net onbedéngt deene wirtschaftlechen Interessen entspriechen, déi ee grad fir richteg hält.

Do schwätzen ech haaptsächlech d'Vereenegt Staten un, déi an deene leschten 30, 40 Joer an der Welt ëmmer iwwerall am Numm vun Demokratie a Rechtsstaatlechkeet an am Endeffekt et net dorëms gaangen ass, mä éischter drëms gaangen ass fir just nëmmen eege wirtschaftlech Interessen duerchzesetzen, an dann ass et oft esou gewiescht, datt een Despoteregime just duerch en aneren ersat ginn ass. Dat hat allerdéngs näischt ze di mat enger Politik déi d'Mënscherechter gefördert hätt an deementspriechend d'Stabiliséierung vu ganze Staten oder Regioune gefördert hätt.

A vill Konflikter, déi mer haut hunn, sinn der natierlech och nach, déi aus där Zäit hier a vun esou enger Politik hier resultéieren.

En drëtte Punkt ass, wann alles dat versot huet, muss ee sech natierlech d'Méiglechkeete ginn - mir liewen nun eemol an där Welt wou mer liewen -, fir och iwwer eng Interventioun kënnen ze schwätzen, dat heescht wann all preventiv Moossnamen erschöpft sinn an erwisenermoosse massiv Gewalt géint eng Zivilbevölkerung ausgeübt gëtt, da kann et duerchweegs sinn datt d'Agräife vun internationale militäresche Verbänn muss noutwendeg sinn.

Mä et ass awer d'Fro, déi ee sech muss stellen, wéi eng Mécanismen ee sech muss ginn, fir datt dat och eendeiteg ënner engem Mandat geschitt vun de Vereenten Natiounen, dat och den Numm verdéngt, datt et op eng korrekt Aart a Weis zustane komm ass. D'Entscheedung vun engem Mandat vun de Vereenten Natiounen, fir eng Interventioun ze maachen, muss geschéien a gréisstméiglecher Onofhängegkeet. Et muss eigentlech gekennzeechent si vun enger Rei Enquêten, déi gemaach gi si vun onofhängegen Expären am Virfeld, déi bestätegen datt dat do noutwendeg ass. Et muss een och d'ONGen an esou Expertisë mat abezéien, an den Optrag fir esou eng Interventioun muss geholl ginn an enger Situatioun, déi op alle Fall net esou stattfënnt wéi dat wat mer erlieft hunn an deene leschten dräi Méint an der UNO, am Weltsécherheetsrot, egal wéi et elo ausgaangen ass.

Ech sinn entre-temps frou, dat hat ech hei gesot bei der Debatt, déi mer haten, datt d'UNO net de Krich och nach ënnert deem ganzen Drock do effektiv justifiéiert hätt, well dat hätt menger Meenung no sécherlech zum Enn vun der UNO gefouert, an ech mengen datt mer et op déi do Aart a Weis fäerdeg bruecht hunn d'UNO glécklecherweis ze retten. Mä déi Aart a Weis wéi do virgaange ginn ass fir d'UNO ënner Drock ze setzen, fir eenzel Memberpartner ënner Drock ze setzen, dat ass jo esou wäit gaangen, datt eenzel carrément esouguer bespëtzelt gi sinn. Ech mengen, dat ass sécherlech net d'Aart a Weis wéi mir eis virstellen, wéi ënner verschiddene Konditiounen, wann all preventiv Moossnamen erschöpft sinn an d'Zivilbevölkerung massiv a Gefor ass vun engem Land, esou eng Interventioun kënnt décidéiert ginn. Da muss et natierlech och d'prioritäert Zil si vun esou enger militärescher Interventioun fir Mënscheliewen ze schützen, an op alle Fall muss alles gemaach gi fir datt déi Moossnamen, déi da getraff ginn, eventuell dann eben och militärescher, d'Zivilbevölkerung net zousätzlech duerch esou eng Interventioun nach méi grouss a Gefor bréngen, wéi wa se net géing gemaach ginn.

Och dat ass dat, wat am Irak am Moment amgaang ass ze geschéien, a wou mer och der Meenung sinn, datt et ebe franchement näischt ze dinn huet mat esou enger Preventivmoossnam fir d'Zivilbevölkerung ze schützen.

An da kann ee schlussendlech d'Roll vun der UNO jo net drop beschränken, fir e militäreschen Optrag ze verginn. Mä et ass kloer, datt éischtens d'Zil vun der Interventioun muss kloer definéiert sinn, an zweetens muss duerno de Weltsécherheetsrot décidéieren, wéini datt d'Zil erfëllt ass an d'Interventioun fäerdeg ass. An och d'UNO an den UNO-Weltsécherheetsrot muss eng permanent Kontroll iwwert den Oflaf vun den Interventiounen a virun allem awer och d'office duerno décidéieren, wéi d'Uerdnung an deem Land oder an där Regioun soll hiergestallt ginn. Alles dat si Punkten, déi elo absolut net an dësem Konflikt hei garantéiert sinn.

Et ass natierlech kloer, wann ee sech déi doten Zilsetzung setzt, ass dat eng Herkulesaufgab an dat ass sécherlech déi Zilsetzung, déi een net vun haut op muer erreecht. Mä ech mengen datt et awer derwäert ass sech déi ëmmer kloer virun Aen ze halen, wann een elo, am Kontext virun allem hei och vun dem Irakkrich, Décisiounen an deenen nächste Joren hélt.

Mir sollen eis net vu Kurzschlussreaktiounen oder vu Reaktiounen, déi vläicht oder a priori och nach gutt kléngen, a wou mer herno eréischt feststellen, datt déi awer eigentlech net déi Ziler erreechen déi mer wëllen, leede loossen. Ech mengen, datt nëmme wa mer déi Grondprinzipien, eis wäitleefeg Ziler déi mer eis setzen, wat déi heite musse sinn, déi ech opgezielt hunn, ëmmer erëm virun Aen hunn, da brénge mer et fäerdeg, eiser Meenung no, déi Feeler do ze évitéieren an eng Aussen- a Sécherheetspolitik ze kréien, dat eng modern ass. Eng vum 21. Jorhonnert, déi net méi dorobber opbaut fir eenzelne Regiounen hir eegesënneg geopolitesch Machtstrukturen oder wirtschaftlech Gelüsten ze garantéieren, mä fir wierklech weltwäit ëmmer méi zu enger Friddensuerdnung ze kommen, déi op eng sozial an ekologesch Gerechtegkeet opbaut.

Eiser Meenung no ass et och kloer, datt d'Europäesch Unioun muss an deenen nächste Méint a Joren Virreider ginn, fir an déi do Richtung ze argumentéieren. Et gëtt eng Rei Texter an Initiativen, déi entretemps scho geholl gi sinn, eng Rei Denkustéiss, déi lancéiert gi sinn, déi éischter sympathesch fir eis sinn an an déi richteg Richtung ginn. Mir musse just oppassen, datt mer wéi gesot déi doten Ziler an deem Kontext an deene Situatiounen net aus den Ae verléieren.

Dat dote gëtt sécherlech déi zentraalsten Debatt an deenen nächste Méint a Joren, déi op internationaler Ebene op eis zoukënnt, niewent deenen Aspekter déi gëschter vun der Madame Ausseministesch hei beschriwwe gi sinn, wat d'Erweiderung vun der Europäescher Unioun ubelaangt, an all den Défien déi och an deem Kontext op Lëtzebuerg zoukommen, ënner anerem och am Kader vun där grousser Présidence, déi mer hei zu Lëtzebuerg kréien.

Mä ech wëll op déi Punkten net agoen, well do eigentlech vun eiser Säit aus keng Meenungsverschiddenheeten ze verzeechne sinn, an eigentlech do d'Richtung, déi vu Lëtzebuerg an och vun dëser Regierung virginn ass, eiser Meenung no déi richteg ass.

Mir mengen awer datt, wat deen heite Punkt ubelaangt, vun der internationaler Friddens- a Sécherheetspolitik an deementspriechend vun enger europäescher Aussepolitik an esou engem Kontext, dat e Chantier ass, op deem nach vill Aarbecht ze maache bleift an op deem mer och wäerte wahrscheinlech an deenen nächste Joren nach vill - hoffentlech fruchtbare - Sträit hei ënnert enee kréien. Well ech mengen, wann et mol an den Detail geet, wäerte mer awer feststellen, datt do nach vill Meenungsverschiddenheeten existéieren, net nëmmen tëschent Europa an de Vereenegte Staten, mä och an der Europäescher Unioun selwer.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. De leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt net nëmme mäi Matgefill, mä och mäin Onverständnis, mäin Ohnmachtsgefill a meng Roserei vis-à-vis vun deene villen zivilen, wéi och militäreschen Affer vum géigewäertege Krich am Irak auszedrécken.

Et ass bis elo, kéint ee bal mengen, alles sou agetratt, wéi déi gréisste Kritiker a Skeptiker et virausgesot haten. Massevernichtungswaffe vu grousser Reechwäit a verheerender Wierkung sinn zwar am Asaz, mä net do wou ee mengt. Mir gesinn all Dag hir Auswierkungen op de schreckleche Biller aus Bagdad, Basra oder Nassiria.

Par contre konnt festgestallt ginn, dass am Süde vum Irak keng Aart schiitesch IRA wunnt, mä irakesch Araber, déi ënnert den amerikaneschen an englesche Bomme wuel als allerlescht un en Opstand aus reliéise Grënn géint hir sunnitesch Landsleit denken. Ëmsou méi, well se dat an der ganzer irakescher Geschicht ni gemaach hunn, an éischter Ursaach hätten, wéi iwwregens och vill sunnitesch Araber a vill Kurden, fir géint deen autoritären an usurpatoresche Baath-Regime virzegoen.

Dat ass awer schwéier, well de Regime zu Bagdad huet eleng duerch deen illegale Krich, dee géint e gefouert gëtt, eng nei Legitimitéit an der arabescher Welt - an net nëmmen do - kritt. Dat bréngt him am Irak nei Unhänger, dorënner vill deeër, déi hien aus verständlechem Patriotismus ënnerstëtzen a bereet si fir d'Selbstbestëmmung vum Irak ze kämpfen. An dat hélt dee Regime erëm als Virwand, am Inneren nach méi brutal géint seng Géigner virzegoen, do wou en dat nach maache kann.

Gewënner vum Krich ass also elo schonn de reliéise Fanatismus, d'Repressioun, den terroristesche Léisungsversuch, den ondemokratesche Stat - an dat bei allen implizéierte Krichsgéigner. Weltwäit gëtt de politesche Klima an der globaliséierter Welt, déi mer haut hunn, doduerch vergëft, an d'Welt gëtt méi onsécher, méi onfriddlech a méi ongläich.

Wien d'Methodë vum israeleschen Extremismus nom Irak an nom ganze mëttleren Osten exportéiert, wéi d'USA an England dat de Moment maachen, deen ernt och ganz séier d'Friichte vun där kolonialistescher Politik, dee setzt déi ganz Géigend, och Israel, awer och Europa, grousse Geforen aus.

Och déi wirtschaftlech Logik, déi vun Ufank un hannert dem Irakkrich stoung, huet erstaunlech séier hir Friichte gedroen. Zu de Krichsgewënner zielen haut scho Carlyle an aner Rüstungskonzerner, déi der Famill Bush no stinn, awer och den Hallyburton-Uelechkonzern vum Vizepresident Cheney. D'Kontrakter vun der Rekonstruktioun vum Irak ware schonn ënnerschriwwen ier d'Bomme gefall sinn; de Pelz gëtt schonn opgedeelt ier d'Déier doud ass.

Dir Dammen an Dir Hären, et fält schwéier, ënnert dem Androck vun den Ereegnisser, Léieren aus der Situatioun, fir d'Lëtzebuerger Aussepolitik, ze zéien.

Mir si sécherlech mat der Ausso vun der Madame Ausseministerin d'accord, dass den Unilateralismus, fir net ze soen den archaeschen Imperialismus, dee vun der géigewäerteger Bush-Administratioun verkierpert gëtt, als politesche Programm ofzeleenen.

Mir sinn och mat hirer Ausso d'accord, dass weiderhin op Fridden an Entwécklung, Dialog an Zesummenaarbecht soll gesat ginn. Mir sinn och d'accord fir iwwerall fir d'Mënscherechter ze kämpfen, déi zivil a politesch mä och déi wirtschaftlech a sozial, a mer sinn och d'accord fir dee blanne mënscheveruechtenden Terrorismus ofzeleenen.

Mä mäi Skeptizismus géllt weiderhin dem bisheregen an och virausséhbarem Fonctionnement vun den internationale Gremien.

Ech ginn der Madame Polfer och Recht wa se un eng Zukunft fir de Multipolarismus gleeft an och un eng Zukunft fir d'UNO. Mä dat war bis elo e schwaache Multilateralismus, dee sech net prinzipiell vun der Logik vum aktuellen Irakkrich ënnerscheet huet.

Och dat massiivt militärescht Agräife géint Jugoslawien, an duerno géint den Afghanistan, iwwregens och ënner Bedeelegung vu Länner vun der aktueller sougenannter Friddensfront, hat keng oder eng zweifelhaft völkerrechtlech Basis.

A béide Fäll hat de Sécherheetsrot démissionéiert, doduerch dass e keen oder en onkloert Mandat erdeelt hat. A béide Fäll war d'Resultat an éischter Linn e brutale Bommekrich, ënnert deem och deemools d'Zivilbevölkerung ze leiden hat, an a béide Fäll war och d'Fro vun der Proportionalitéit vun deem Krich ganz kloer gestallt.

An engem Artikel am November 2001 an der Revue „Actualité et Droit international" huet de Professer Robert Charvin - deemools nach ee vun deene wéinegen "Oprechten" - zum Afghanistan Folgendes geschriwwen: „L'ONU est ignorée et le Conseil de sécurité se transforme en simple chambre d'enregistrement des positions des Etats-Unis, l'absence de tout contrôle de conformité avec la charte des décisions du Conseil de sécurité, permettant à celui-ci de tout accepter par opportunité politique sans considération pour le droit."

An den Zoustand vum internationale Recht huet deeselwechte Professer deemools scho beschriwwen als eng, ech zitéieren: „…affirmation d'un „soft law", mieux adaptée au processus de mondialisation, précédant de peu la négation pure et simple du droit: désormais ce sont les „impératifs moraux", proclamés unilatéralement, qui fondent le recours à la force armée et des conceptions aussi régressives que le combat du Bien contre le Mal, identiques à celles justifiant les „guerres justes" des siècles passés."

Haut ass déi grouss Majoritéit vun den internationale Juristen der Meenung, dass de Krich géint den Irak völkerrechtswidreg ass, an zwar well e géint den aktuelle Wëlle vun der Majoritéit am Sécherheetsrot erfollegt ass, mä och well der UNO-Charta no kee Krichsgrond virluch, ënnert kengen Ëmstänn.

Ech verstinn duerfir och net wéi ee ka soen, wéi zum Beispill den Här Juncker dat viru kuerzem hei gemaach huet, dass déi juristesch Lag net kloer wier. Ech fannen esou eng Ausso hélt dem aktuelle Krich säi Charakter vun Illegalitéit a säi Charakter als Agressiounskrich, wéi en an der UNO-Charta ganz kloer definéiert ass. Mat esou enger Ausso awer mécht een déi militäresch Kooperatioun méiglech, déi de Moment jo nach iwwert AWACS, d'WSA oder iwwert d'NAMSA vu Lëtzebuerger Buedem aus méiglech ass mat deene krichsführende Länner, ouni mussen u Sanktiounen zum Beispill ze denken.

Wéi geet et elo weider an där doter Fro? De Moment schléit offensichtlech nach d'Stonn vun den Unilateralisten, vum Rumsfeld a vum Perle, mä mar huele schonn erëm, mengen ech, d'Multilateralisten, de Powell, deen an den nächsten Deeg Europa besicht, d'Heft an d'Hand a versichen d'UNO nom Modell vun den 90er Jore weiderzefëieren an eventuell nach d'Charta dem aktuellen, wéi ech fannen desaströsen, Rechtsemfannen unzepassen, dat heescht ze verschlechteren. Et liest een och schonn elo esou Wënsch, gedroe vu virauseilendem Gehorsam, zum Beispill an der däitscher Press: Et misst een d'UNO-Charta upassen un déi aktuell Realitéiten.

Déi UNO, wéi se an deenen 90er Joren entstanen ass, ass awer e Rabattmodell par rapport zu deenen héijen Usprréch, déi d'international Communautéit nom zweete Weltkrich u sech selwer gestallt huet, wéi se op hire Fändel geschriwwen huet: Ni méi Krich!

Et kann duerfir aus menger Siicht net drëm goe fir einfach nëmmen de schwaache Multilateralismus ënnert der Féierung an ënnert der Dominanz vun den USA aus den 90er Joren einfach weiderzefëieren, mä et geet drëm fir e staarkt internationaalt Recht ze schafe bei deem déi Wäerter vu Fridden a Kooperatioun, déi d'Madame Ausseministesch an hirer Ried genannt huet, all déi aner Wäerter priméieren, och déi enk wirtschaftlech Wäerter wéi se zum Beispill vu globaliséierte Wirtschaftsgruppe vertratt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, um Enn vum Mount kommen zu Bréissel Frankräich, Däitschland, Belsch a Lëtzebuerg zesumme fir Europa militäresch méi staark ze maachen. Ech hat schonn e puermol d'Geleeënheet hei ze soen, datt mir esou eng Orientéierung ofleenen. Mir sinn och net fir den Ausbau vun der NATO a menge generell zu deem Bündnis, dass et seng Bedeitung nom Enn vum Ost-West-Konflikt agebéisst huet. De Krich am Irak verlaangt net no méi Oprüstung. De Krich am Irak verlaangt no méi Ofrüstung.

Et geet net drëm fir am weltwäiten Empire Führungspositiounen ze iwwerhuelen, wéi dat zum Beispill de Robert Kagan, dee bekannten Auteur, dee jo d'Machtpolitik vun Amerika ganz eloquent a senge Bicher rechtfäerdegt, zum Beispill a sengem Buch „Macht und Ohnmacht, Amerika und Europa" seet. Hie fuerdert, dass Europa an Zukunft vill méi militäresch aktiv gi misst un der Säit vun den USA. Ech fannen, dat wären déi falsch Konklusiounen, déi mir aus där heiter Entwécklung zéie géifen, mä ech muss leider feststellen, dass dat Treffen zu Bréissel och e bëssen an déi Richtung geet.

Wat mir haut brauchen, dat ass eng staark UNO, also mat kloren eegene Kompetenzen, an dat sinn och zum Beispill regional Kooperatiounsstrukture wéi d'OSZE. National Arméie wéi Militärbündnisser iwwerhaapt sollen eiser Meenung no wäitgehend opgeléist ginn an der Kooperatiounspolitik soll eng ganz nei Bedeitung zoukommen.

Virun allem muss d'Zivilgesellschaft, mussen d'Leit a mussen déi gewielte Parlamenter d'Méiglechkeet kréien all kruzial national an international Entscheedungen ze beaflossen. Eng aner Mondialiséierung heescht och fir eis eng aner Welthandelspolitik, eng déi net andauernd eiser Kooperatiounspolitik Steng an de Wee leet. Och am Welthandel mussen déi sozial an ekologesch Aspekter, mussen déi Gesondheets- a Bildungsaspekter absolut Prioritéit hunn.

Mir si selbstverständlech fir d'Zesummenaarbecht, och d'wirtschaftlech Zesummenaarbecht, am Kader vun enger erweiderter EU, mä och do net virrangeg am Sënn vun engem Marché unique, mä am Sënn vun enger gemeinsamer Wirtschafts- a Sozialpolitik, déi héije Standarde vun enger Entwécklung entsprécht an déi wierklech eng dauerhaft Verbesserung no uewe vun de Liewensbedingunge vun de Leit bréngt.

Et muss een awer gesi wéi schwéier et ass esou Kritären an déi fundamental europäesch an och national Texter eran ze kréien an et muss een och gesi wéi rezessiv a regressiv déi ganz offiziell Politik ass, wou et nëmmen nach drëm geet besser Profitopportunitéiten erauszeschloe fir e Kapital, dat ouni deem schonn an de leschte Joren en ëmmer méi grousst Stéck vum Kuch kritt huet.

Ofschléissend fäerte mer Auswierkunge vun der europäescher Sécherheetspolitik op d'Demokratie vun eise Länner. Et geet do am wesentleche jo drëm d'Festung Europa duerchlässeg fir d'Kapital an imperméabel fir d'Mënschen ze maachen, déi zur Migratioun forcéiert ginn duerch en ongläichen Entwécklungsniveau an der Welt an duerch Kricher, wéi zum Beispill deem a Jugoslawien, un deene mir selwer bedeelegt waren.

Et geet bei der europäescher Sécherheetspolitik och drëm den ze erwaardende Widderstand géint déi neoliberal Politik, deen ouni Zweifel an der nächster Zäit wäert méi staark ginn, ze briechen. Ech schwätzen do zum Beispill - an domat sinn ech direkt fäerdeg, Här President - vun deenen Direktiven a Gesetzer, déi ënnert dem Virwand vun der Terrorismusbekämpfung wäit iwwer hiert Zil erausschéissen, déi och deelweis scho verfaasst a konzipéiert gi ware virum 11. September 2001 an déi zu engem Aschränke vun der Meenungs- a Manifestatiounsfräiheet féieren.

Ech schwätzen och zum Beispill vum Ausbau vun der Lëtzebuerger Police, déi leider ëmmer méi zu engem Iwwerwaachungs- a Repressiounsapparat amgaangen ass sech ze entwéckelen, deen duerfir do ass Personaldonnéeën ouni konkreten Ulass ze sammelen an och bei Manifestatioune vu jonke Schülerinnen a Schüler iwwerzereagéieren, wéi - zum Beispill bei Perquisitiounen - keng Rücksicht méi op Dommages collatéraux ze huelen.

Domat wier ech fäerdeg. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Urbany. Elo huet d'Regierung d'Wuert. Madame Minister, Dir hutt d'Wuert.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Merci, Här President, erlaabt mer fir d'alleréischt all den Intervenanten hei an dëser Diskussioun merci ze soen, well, ech mengen, mir haten en ongewinnte grousse Konsens iwwert d'Aschätzung vun der internationaler Situatioun, och vun eise Moyenen a vun deenen Instrumenter, déi mer eis gi missten, fir ze versichen esou effikass wéi méiglech kënnen dorobber anzewierken.

Kee vun ons heibanne wollt dee Krich am Irak, mä mir konnten en och net verhënneren. Ech si ganz d'accord mat deenen déi soen, datt d'Konsequenze vun deem Krich wäit iwwert de Krich eleng erausginn. Och dat ass eppes, wou mer eis all heibannen driwwer eens waren. Den Irakkonflikt, wéi et dozou komm ass, wéi e gehandhabt gëtt, huet Grief gemaach zwëschent Amerika an der Europäescher Unioun, der NATO an och innerhalb vun Europa. Fir Lëtzebuerg an doriwwwer eraus fir d'international Communautéit ass dat kee Moment iwwert dee mer eis kënne freeën, au contraire, dat Ganzt ass mat ville Suerge belaascht.

Mir als Lëtzebuerg, an dat hu mer alleguer hei ënnerstrach, wësse wéi wichteg fir ons dat gutt Fonctionnéiere vun deenen internationalen Institutiounen ass, déi dozou bäigedroen hunn, datt mir an deene leschte 50 Joer onse Wuelstand am Fridden an a Sécherheet opbaue konnten. Dat ass d'UNO, dat ass d'NATO an dat ass d'Europäesch Unioun. Duerfir musse mer effektiv alles dru setze fir ze versichen déi Grief, déi gemaach gi sinn, nees mat Brécken zesummenzebréngen.

Gewëss, dat wäert net einfach ginn an där diplomatescher Efforte wäerten der hei ganz vill gefrot ginn. Ech ënnersträichen effektiv diplomatesch Efforten, well eng vun den Ursaache firwat et wahrscheinlech dohinner komm ass, wou mer net wollten datt et géing kommen, ass, well der Diplomatie net méi genuch Sputt gelooss ginn ass. Wa keng Moderatioun, wa keng Diskretioun, wann net d'Versteesdemech an d'openeen Agoe vun deene verschiddene Partner do ass, da gëtt d'Eskalatioun vu géigesäitegen Attituden an Analyse méi liicht an et kënnt méi schnell zu deem Eclat, dee mer leider an deene leschte Méint gesinn hunn.

Duerfir wäerte mir als Lëtzebuerger Regierung an natierlech, hoffen ech emol, zesumme mat villen europäesche Partner duerfir suergen an duerfir antrieden, datt mat Moderatioun, mat openeen duer goen a mat Eenegkeet nees dat virherrscht, wat esou wichteg ass a wat mer esou néideg brauchen, fir datt Europa muer, e méi grousst Europa, och nach handlungsfäeg ass. Dat do alles huet op alle Bänken Ënnerstëtzung fonnt an ech soen lech och duerfir merci.

Europa, och dat war e Punkt iwwert dee mer eis eens waren, muss Efforte maache fir muer zu 25 eben och nach handlungsfäeg an effikass kënne virzegoen, an datt déi verschidde Sensibilitéite méi wäit ausernee leien tëschent 25 Partner wéi tëschent sechs, néng, zéng, zwielef oder fofzéng, ech mengen, dat ass eng Evidenz.

Dofir sinn déi Efforte vu sech besser kenneléieren, méi matenee schwätzen, openeen duergoen, desto méi gefrot an an dee Kontext setzen ech och zum Beispill déi Réunioun, déi gëschter um Niveau vun de Premieren- an den Ausseminister war, mä déi awer scho virdrun eng Kéier um Niveau vun de politesche Beamten aus deene verschiddene Länner hei zu Lëtzebuerg stattfonnt hat, a wou, fir dem Här Fayot drop ze äntwerten, dee gesot huet, firwat war zum Beispill Däitschland net derbäi, wou Däitschland derbäi war, fir déi Réunioun virzebereeden. Dat ëm wat et wierklech gaangen ass war net fir direkt Décisiounen ze huelen, mä et war fir Argumenter zesummen auszetauschen a fir op déi essentiell Punkten, déi fir ons alleguer wichteg sinn an déi mer wëllen iwwert de Konvent eraus erhalen, fir do wa méiglech mat enger gëeenter Stëmm ze schwätzen. Mä dat kann een awer nëmmen, wann een deem anere seng Argumenter an och seng verschidde Sensibilitéite gewëllt ass ze héieren, an natierlech hofft deen een oder anere kënnen ze iwwerzeegen.

A mir si gëschter owend zu enger Rei Punkte komm, wou mer eis eens sinn, wou mer eis ganz eens sinn, an dat wat mer och wëllen de 16. Abrëll zu Athen dem Här President Giscard d'Estaing virdroen, dat ass datt mer d'Méthode communautaire wëlle stäerken. Dat ass datt mer den Equilibre institutionnel wëllen erhalen an dat heescht implicite, datt mer net wëllen enger Institutioun, an an dësem Fall dem Conseil européen, eng ganz aner Gewiichtung ginn. Dat heescht och den drëtte Prinzip, datt mer d'Egalitéit vun de Memberstaten, wat wierklech jo eng vun den Haapterrungenschafte vun der Europäescher Unioun ass, wëllen erhalen. Mir sinn och fir d'Transparenz an d'Lisibilitéit vun den Décisiounsmécanismë vun der Europäescher Unioun, an do si mer eis ganz eens ginn.

En fait kann een et resüméieren, an dat ass net géint een, mä dat ass fir eppes geschafft, mir wëllen effektiv net, datt d'Méthode communautaire, wat wierklech de Fong vun der ganzer Unioun duerstellt, op eng Aart a Weis konkurrenzéiert gëtt, déi hir Positioun géing schwächen duerch en neie Gremium, an dësem Fall dem Conseil européen, dee méi Visibilitéit kréich an à la rigueur och méi Moyenen, fir eben Europa duerzestellen, an deen awer op intergouvernementaler Methode géing schaffen. Dat wëllen déi, déi gëschter hei waren, net an dat wëllen och déi 16, déi hir Kontributioun an dem Konvent gemaach hunn, net. Mir mussen also déi Meenunge kënnen zesummen duerleeën an dat wäerte mer och maachen.

Fir nach beim Här Fayot sengen Iwwerleeungen zu dem Konvent ze bleiwen am Elargissement, Dir hutt gefrot, wéini datt déi Campagne dann elo géing ufänken, endlech, vun där mer jo esou oft geschwat hunn. Ech kann lech do berouegen, déi fänkt den 10. Mee an de Lëtzebuerger Medien un a muer geet och eng éischt Equipe vu Journalisten an déi éischt vun deene Länner aus dem Elargissement. Dat leeft also.

Ee vun deene Punkten, déi natierlech gëschter och net ausdiskutéiert gi sinn, mä wou gefrot ginn ass wat den Zweck vun där Initiativ wier, déi vun de Belsch ausgaange wier, wéi mer da wëllten erugoen un déi belsch Initiativ fir an der Politique extérieure de sécurité et de défense méi enk zesummen ze schaffen, kann ech nëmme soen, datt déi Initiativ ganz kloer sech an d'Aarbechte vum Konvent areit, a kee besser wéi den Här Fayot weess jo, datt eben am Kader vun dem Konvent schonn eng franséisch-däitsch Propositioun genau an deem Sënn virbruecht ginn ass an datt de Groupe de travail, dee sech eben ëm d'Politique extérieure et de défense këmmert, hei eng ganz Rei Propositioune gemaach huet, déi an déi Richtung ginn, déi mir dann och wäerten den 29. an enger Réunioun, wou déi véier Länner dann elo am Ufank, mä et sinn der awer vläicht bis dohinner nach anerer, déi dozou kommen, wäerten diskutéieren, an déi Réunioun ass um Niveau vun de Premier-, den Ausseministeren an de Ministres de la Défense, a mir wäerten déi Propositiounen, déi bis elo, wéi gesot, scho virgeluecht gi sinn, ganz intensiv kucken, an den Zweck ass ganz evident. Mir wësse jo, an déi Feststellung datéiert elo net nëmme vum Irakkrich, mä scho wäit virdrun, datt an Europa déi verschidden Efforten um Niveau vun de militäreschen Efforten a vun den Arméien net wierklech gutt koordinéiert sinn, an datt déi Moyenen, déi dragestach ginn, net wierklech esou effikass kënnen ubruecht gi wéi se kënnten.

Den Här Henckes huet plädéiert fir méi e groussen Effort um finanzielle Plang a militäreschen Ausgaben. Ech kann nëmme soen, do läit Europa effektiv ganz, ganz wäit vun deenen amerikaneschen Efforten ewech, an an deene leschte fënnef Joer huet de Gruef sech och do enorm ausernee gedinn. Nëmmen ee Chiffer, deen a Milliarden Dollar geet. Amerika huet 2001 284,5 Milliarden Dollar ausgi fir den Effort militaire.

Ganz Europa zesummen, also déi 15, ginn der 126 aus. Dat ass manner wéi d'Halschent. Wann een also géing mengen, et kënnt een hei konkurrenzéieren, ech mengen da wier den Effort ganz grouss, deen ee misst maachen, an dorun denkt u sech keen, well dat wier en Effort, deen och eis Opinions publiques net gewëllt wiere matzemaachen. Do sinn ech mat deenen allermeeschte Punkten, déi den Här Bausch hei opgezielt huet, d'accord. Ech mengen, mir gesinn effektiv, an ech hunn dat gëschter kloer hei gesot, Europa huet sech vun der Muechtpolitik lassgemaach, esouwuel an Europa selwer wéi och iwwer Europa eraus.

Mir gesinn eis Aussepolitik net sech nëmmen duerch militäresch Mëttele bestätegen. Gewëss si hunn, a besonnesch an Zäite wou mer wësse wéi eng Gefor Terrorismus heescht, heescht och datt mer mussen Efforte maachen, fir eben zesummen deem Fléau entgéint ze kommen, mä mir wëssen awer och, datt een deem Fléau nëmme kann entgéint kommen, wann een op enger ganzer Rei aneren Achse schafft. Dat ass ganz besonnesch dee vun der Entwécklungshëllef an dat ass dee vun der Ënnerstëtzung vun deene Länner, wou de Moment effektiv net Demokratien herrschen, fir deenen ze hëllefen op en anere Wee vu Statsform ze kommen. Dat ass zum Beispill jo dee grousse Friddensmouvement, deen an Europa elo de Moment stattfënnt, wou, wann déi zéng Länner derbäi kommen, Länner, déi nach virun zéng Joer a ganz anere Regimer gelieft hunn, déi net demokratesch waren, déi zouen Ekonomië waren, dat ass jo dee positiivsten Aspekt vun deem Ganzen. Esou kënne mir hëllefen an esou stelle mir ons och ons Aussepolitik vir.

Mä dat do si ganz vill Elementer, vun de Petersbergmissioune guer net ze schwätzen, mä ech mengen, dat sinn Diskussiounen, déi mer mat dem Défenseminister maachen. Ech kann op alle Fall soen, well ech dat och mat dem Défenseminister geschwat hunn, wa mer emol méi weider an deenen Diskussiounen hei komm sinn, well den 29. Abrëll wäerte mer hei méi kloer gesinn an eben och méi konkret Propositiounen op den Dësch kommen, da si mir och gäre bereet hei eng Diskussioun ganz prezis doriwwer ze féieren, well et ass villes ze soen, an et si vill Elementer, déi hei derzou bäidroen. Ech kann op alle Fall nëmme soen, datt déi Propositiounen, déi vun Däitsch-Franséische virgeluecht gi sinn, eng Rei Elementer bëinhalten, déi natierlech och zum Beispill drop ausgéinge goen, datt een eng Agence européenne de l'armement et de la recherche stratégique géing maachen, datt een dat Material, wat een akeeft, zesumme géing akafen. Dofir muss et net méi deier ginn, au contraire, mä et kann awer méi effikass sinn. Dat sinn déi Elementer op déi mir déi do Politik wäerten opbauen, an ech mengen och do hat ech d'Gefill wéi wann dat hei, ausser elo den Här Urbany, op eng grouss Ënnerstëtzung géing stoussen.

Den Här Henckes huet mech gefrot, wat dann elo meng Meenung wier iwwert de CAG, ob dee sollt gespléckt ginn oder net, ob et soll engersäits iwwert de CAG, Conseil Affaires Générales, dee sech ëm déi horizontal Dossiere soll këmmeren an deen aneren, dee sech ëm d'Politique extérieure géing bekëmmeren. Ech muss em do soen, dat hu mer elo schonn. Dat ass elo schonn eng vun de Konklusioune vun dem Conseil vu Sevilla, mä et gëtt awer nach ëmmer vun deenen nämlechte Leit gemaach, et ass just am Agenda, moies gëtt dat eent gemaach an nomëttes dat anert, oder ëmgekéiert.

Ech muss och soen, an ech maache keen Heel doraus, datt ech déi Opdeelung am Fong ni, d'Opdeelung am Agenda schonn, vun de Missiounen net wierklech konnt novollzéien. Dat war och ëmmer d'Lëtzebuerger Positioun, mä mir kënnen awer net anere Länner, déi nach vläicht ganz aner Aufgaben a Kompentenzberäicher hu wéi mir, virschreiwe wéi e Minister si elo dohinner schécken.

Op alle Fall, déi puer Méint wou mer dat elo hei exercéieren, muss ech zwar och soen, datt et net onbedéngt duerch eng terribel Effikassitéit gekennzeechent ass, well mir hunn zum Beispill an eisem Conseil och Développementsfroen. Da kommen d'Développementsministeren och dohinner. Wéi do, wéi hei gëtt den Timing net ëmmer ganz genau agehalen, an dann ass oft stonnelaangt Waarden no Verschiebungen. Also ech mengen, hei ass nach villes ze iwwerleeën, mä meng Meenung war nach ëmmer, an dat ass net nëmme meng, mä dat ass och déi vun der Lëtzebuerger Regierung, datt een dat do soll esou am Fong zesummeloossen. Et soll een dat zesumme loosse wat zesumme gehéiert, mä mir verschléissen eis do awer net organisationnellen Neierungen, déi anere vläicht méi favorabel sinn a méi entgéint kommen.

Ee vun deene Punkten heibannen, wou och déi meescht Stellung driwwer geholl hunn, a wou ech och do ka mat Satisfactioun feststellen, datt mer eis am Fong eens sinn an der Analys, dat ass dee vum Siège. Ech konnt just feststellen, datt dat, elo wou mer deen Accord mat der Kommissioun konnten ofstëmmen, am Fong ganz schnell iwwert d'Bühn gaangen ass. Ech ka mech just hei erënneren, datt ech x-mol hei op der Tribün stoung a mech wierklech hu misse verteidegen, datt net géingen honnerte vu Plazen ofgezu ginn. An elo wou mer et fäerdeg bruecht hunn, datt honnerte vu Plazen dobäi géinge kommen, elo ass et mat engem Saz fäerdeg. Mä ech sinn awer d'accord, wann et ënnert dem Strëch gutt geet, da loosse mer dat.

Une voix.- Dat ass d'Lous!

***(Interruptions)***

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Dat ass esou. Ech wëllt dann awer nëmmen nach eng Kéier ënnersträichen, datt mer et net nëmme fäerdeg bruecht hunn, datt mer honnerte Plazen ofgeséchert hunn an datt mer der honnerte bäikréien, mä datt et och iwwer 2004 déi 3.400 sinn - an net nëmmen déi, do kënnt den normalen Zouwuess vum Elargissement nach derbäi. Also et sinn net nëmmen déi 3.400, et sinn all déi Servicer, déi souwisou hei zu Lëtzebuerg sinn an déi duerch den Elargissement zouhuelen, an déi si mol net an deenen doten derbäi, dat dote sinn nëmmen déi vun deene Servicer, wou mer speziell driwwer diskutéiert hunn.

Mir hunn net nëmmen derbäi kritt, mä mir hu virun allem - an dat muss ech awer hei soen - en ofwäerts Trend, eng Erosioun vum Lëtzebuerger Site gestoppt; an dee war an deene leschten zéng Joer ganz grave. Ech ginn Iech nëmmen zwou Zuelen. Hei zu Lëtzebuerg waren am Joer 1991 2.407 Beamte vun der Kommissioun - ech schwätzen elo nëmme Kommissioun - an zu Bréissel waren et der 9.598, dat ass grosso modo ee Véirel. 2000 war déi Proportioun awer op ee Fëneftel ofgesackt, dat heescht mir haten der nach 2.699 an entre-temps waren et der zu Bréissel awer 12.521. Dat heescht an zéng Joer hat et sech hei net nëmmen net stabiliséiert, mä et war wierklech eng konsequent Erosioun. Mir hunn dat also gestoppt an, wéi gesot, och nach drop opgebaut. Ech si frou, datt dat ënnert dem Strëch begréisst gëtt an ech wäert och an deenen Efforten, déi mer bis elo do ënnerholl hunn, weider maachen.

***(Interruption)***

Neen, ech wëll et wierklech bei de Realitéite loossen. Mä et muss ee se ebe sou huele wéi se sinn, vun alle Säiten. Dofir muss ech och d'Realitéit vum Europaparlament unerkennen, datt mer déi Décisioun, déi do geholl ginn ass, fir d'Direction IV ofzezéien, net kënnen einfach esou hinhuelen. An ech mengen a mengem Text war ech engersäits kloer an diplomatesch genuch fir ze soen, datt mer de Moment analyséiere wat déi richteg Äntwert op esou eng Décisioun ass, déi mer awer net kënnen esou hinhuelen.

Ech wëll och hei nach eng Kéier dat kloer soen, wat ech an der Kommissioun schonn x-mol gesot hunn. Ech kann déi Argumenter, fir ze soen, ma da loosse mer d'Europaparlament dach, kënne mer dann net dorop verzichten a menge mer géifen eppes Comparabeles amplaz kréien, net novollzéien, well et näischt Comparabeles gëtt.

Ech menge mir wëssen, datt mir hei zu Lëtzebuerg incomparablement méi Europafonctionnairen hu wéi all déi aner Länner aus der Europäescher Unioun. A wa mer do mengen - well dee Moment kéime mer jo op Décisiounen, déi misste vun deenen anere Staten och gutt geheescht ginn - mir géinge vun deenen eng Kompensatioun kréien, ëm 1.500 oder 1.600, wéi et elo ass, déi vergläichbar wier, da kann ech déi Dreem net novollzéien, well ech gesinn net, wou mer déi könnte kréien, mä ech gesinn awer ganz kloer, datt mer eis nach oft wäerte mat där Situatioun hei ausenaner setzen. Ech kann Iech just garantéieren, datt mer dat net op d'liicht Schëller huelen an datt mer all Efforte wäerte maache fir dat esou ze suivéiere wéi mer eben och déi aner Dossiere suivéiert hunn.

Wat elo de Käschtepunkt ubelaangt, mengen ech, ass dat effektiv eng Fro déi besser an enger Kommissioun ze stellen ass, oder soss eng Kéier wou een Zäit huet sech virzebereeden. Ech wëll just hei soen, dass et jo net sou ass wéi wann déi fir näischt géingen zur Verfügung gestallt ginn. Do gi Locatiounspräisser bezuelt an déi Locatiounspräisser gi vun deem Comité de coordination ausgehandelt a sinn och vu Plaz zu Plaz verschidden. Ech kann Iech à ce stade effektiv onméiglech soe wat e m² op där enger Plaz kascht oder op där anerer Plaz, mä do ass awer näischt ze verstoppen. Op alle Fall, wann een eng Kéier ënnert dem Strëch géing rechnen, da muss een awer nach ganz villes mat arechnen, wat déi Presenz vun eben Europa fir d'Visibilitéit vu Lëtzebuerg an der Welt duerstellt.

An dann ee Punkt nach. D'Présidence, wou ech och heibannen eng grouss Ënnerstëtzung fir den Ausseministère gespiert hunn. Mä ech mengen, dat ass esou evident, an ech kann nëmmen den Appel nach eng Kéier maachen, dat, wat op ons duerkënnt - a wann ech soen ons, da mengen ech net nëmmen den Ausseministère, da mengen ech all d'Lëtzebuerger Verwaltungen an och all d'politesch Responsabilitéitsträger - ass ganz grouss.

Den Här Wiseler huet gefrot, wéi dat géing zesummen harmonéieren. Dat harmonéiert. Dat gëtt zesummen organiséiert an där nächster, sou wéi et an deene leschte war. Net méi spéit wéi muer de Mëtten hu mer nees eng Réunioun, wat mer nenne "Correspondants européens", dat sinn déi Leit déi an all Ministère sech eben ëm europäesch Dossiere këmmeren, fir genau kënnen opzeziele wat op ons duerkënnt, wat bei deenen engen a wat bei deenen aneren d'Prioritéit huet.

An da musse mer all zesumme kucken, wou mer d'Leit hier kréie fir déi verschidde Comitéen ze presidéieren. Well dat geet net mat zéng oder zwanzeg duer, dat geet an d'Honnerte vu Comitéen déi do musse presidéiert ginn, an do ass wierklech jiddferengem seng Mathëllef - dee se ka leeschten an dee se wëll leeschten - wëllkomm, a bis elo kann ech och nëmme feststellen, datt d'Bewosstsinn op alle Säite besteet, datt hei eppes Grousses op ons duerkënnt.

Wat d'Prioritéiten ubelaangt, déi stelle mer zesumme mat all de Ministèren op, déi ginn net vum Ausseministère eleng décidéiert, déi gi vun de Ministèren décidéiert. Wann international Konferenzen op ons duerkommen, da mussen d'Ministèren, déi à la rigueur dovu betraff wären, eis soen, ob si dat kënne maachen oder net, ob si et wëlle maachen an ob si d'Leit hunn. A wa jo, da kënne mer et zesummen ugoen, a wann net, dann ass et onméiglech fir den Ausseministère, dat eleng ze maachen.

Dofir ass d'Kollaboratioun do ganz enk a ganz kloer. Déi Préparatioun leeft och wéi gesot zesummen, an déi leeft och schonn zënter zwee Joer, besonnesch wat zum Beispill d'Informatik ubelaangt, do hu mer net op haut gewaart, dat leeft schonn zënter zwee Joer. Dat eenzegt wat ech bedaueren, datt awer nees versicht gëtt, ad ominem hei Argumenter virzebréngen.

Et gëtt net ee Beamten dee bezuelt gëtt fir näischt ze maachen. Ee Beamten deen net do ass, deen ass net do well e krank ass a well e krankgeschriwwen ass. Datt dat sech erauszitt, datt dat onglécklech ass, datt mir déi alleréischt sinn, déi dat bedaueren, dat ass evident, well e Mann deen iwwer zwee Joer net do ass, dee kann iwwer zwee Joer net eng Aarbecht maachen.

Awer wat eben och schlëmm ass, dee Posten ass awer besat, dat heescht e kann och net vun engem aneren iwwerholl ginn. Mir hunn alles bis elo gemaach, an ech hoffen, datt mer och mat de Gerichter - well do si mir net méi eleng, do sinn d'Geriichter, déi si mat där Matière befaasst - dohi kommen. Mä, wéi gesot, dat huet seng Plaz net hei an dat ass, wéi gesot, ee Punkt erausgeholl.

Néierens, a kengem Ministère ginn et genetesch perfekt Mënschen, ech kann nëmme soe mat deene wou ech muss schaffen a wou ech gäre schaffen, kann ech wierklech an engem ganz grousse Mooss en Asaz an en Engagement feststellen, deen ech nëmme kann extrem beluewegend ervirsträichen, an ech wënschen datt mer deen och hunn.

An ech géing elo am Fong schonn hei gären deen Opruff maachen deen, wann Dir Iech gutt erënnert, bei der leschter Présidence vun der Oppositioun gemaach gi war, an ech kennen déi Leit par hasard, déi déi leschte Kéier, wéi mer d'Présidence haten - d'Oppositioun -, gesot haten, datt se während deene sechs Méint wou d'Présidence wier géinge mathëllefe fir de Beamten, déi de gréissten Deel vun deem Effort maachen, net onnéideg nach méi Aarbecht opzeleeschten a sech géingen zréckhalen.

***(Interruptions diverses)***

An egal wien an der Oppositioun ass, wat déi Présidence ugeet, kann ech nëmmen un d'Häerz leeën, sech un deem Opruff vun 1997 e Beispill ze huelen.

Ech soen Iech merci am Viraus fir Är Ënnerstëtzung.

M. le Président.- Merci, Madame Polfer. Domadder ass eisen Débat iwwert d'Aussepolitik fäerdeg.

Déi nächst Sitzung hu mer muer de Mueren ëm néng Auer. Do geet et dann ëm de Projet de loi 5024 mam Rapporteur, der Madame Nelly Stein.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten. Bis muer de Mueren. Merci.

***(Fin de la séance publique à 17.29 heures)***

## JEUDI, 3 AVRIL 2003

# 47E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Nico Loes, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. 5024 - Projet de loi modifiant
   1) la loi du 19 avril 1996 autorisant le Gouvernement à participer comme membre fondateur, à accorder une aide financière annuelle à la "Fondation Henri Pensis" et modifiant la loi du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu
   2) la loi du 9 janvier 1998 portant transposition de la directive 93/7/CEE du 15 mars 1993 relative à la restitution des biens culturels ayant quitté illicitement le territoire d'un Etat membre de l'Union européenne et transposition de la directive 2001/38/CE du 5 juin 2001 modifiant la directive prémentionnée
   3) la loi du 24 juillet 2001 portant création d'un établissement public nommé "Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster"

   *(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
2. 4949 - Projet de loi relative à la restauration et à la mise en valeur de certaines parties de la forteresse de Luxembourg
3. 4857 - Projet de loi portant règlement des comptes généraux de l'exercice 1999

   *(Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
4. Ordre du jour
5. 4966A - Projet de loi portant approbation
   1. du Protocole additionnel à la Convention européenne sur le transfèrement des personnes condamnées du 18 décembre 1997;
   2. de l'Accord relatif à l'application, entre les Etats membres des Communautés européennes, de la Convention du Conseil de l'Europe sur le transfèrement des personnes condamnées du 25 mai 1987

   4966B - Projet de loi sur le transfèrement des personnes

   *(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte des projets de loi - Vote sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Erna Hennicot-Schoepges, MM. Luc Frieden et Charles Goerens, Ministres.

***(Début de la séance publique à 9.02 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung nach eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5024 iwwert déi finanziell Bedeelegung un der Fondation Henri Pensis an um Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Krieps, Greisen a Garcia. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein.

### 1. 5024 - Projet de loi modifiant

1) la loi du 19 avril 1996 autorisant le Gouvernement à participer comme membre fondateur, à accorder une aide financière annuelle à la

„Fondation Henri Pensis“ et modifiant la loi du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

2) la loi du 9 janvier 1998 portant transposition de la directive 93/7/CEE du 15 mars 1993 relative à la restitution des biens culturels ayant quitté illicitement le territoire d'un Etat membre de l'Union européenne et transposition de la directive 2001/38/CE du 5 juin 2001 modifiant la directive prémentionnée;

3) la loi du 24 juillet 2001 portant création d'un établissement public nommé „Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster“

***Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture***

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, Madame Minister, Kenner vun der klassescher Musek zu Lëtzebuerg wëssen, datt den Orchestre philharmonique du Luxembourg, kuerz OPL genannt, ouni Zweifel e kulturellt Aushängeschëld vun eisem Land ass. Et ass en Orchester dee sech schonn zënter 1933 um internationale Plang en Numm erspillt huet. Dat duerch grandios Interpretatioune vu Wierker vu grousse klasseschen an zäitgenössege Komponisten a Komponistinnen. Fir mir mech ass et ëmmer nach esou, dass ech ënner Komponisten alles drënner verstinn.

***(Hilarité)***

Et steet duerfir ausser Zweiwel, datt Dirigente wéi den Henri Pensis, Carl Melles, Louis de Froment, Leopold Hager an David Shallon den OPL zu deem geformt hunn, wat en haut ass.

Säit September 2002 ass de britesche Chef Bramwell Tovey neie Chefdirigent a féiert d'Traditioun vun de groussen Dirigente vum OPL weider. D'Saison 2002/2003 ass säit September amgaangen an dauert bis de Juli 2003. Vun Oktober 2003 un ass den OPL och erëm an der Enceinte vum neie Stater Theater ze fannen.

Duerch Tourneeën a Concerten am noe wéi och am wäiten Ausland huet sech den OPL zur Spëtzt vum Lëtzebuerger Kulturliewen entwéckelt. Och fir d'Joer 2003 sinn Tourneeë programméiert, déi den OPL ënnert anerem an Europa an an dat fernt Asien féiert, mat de Statioune China, Macao a Korea. Last but not least huet den OPL duerch seng Opnahme vu Wierker vum Iannis Xenakis, Arthur Honneger, Francis Poulenc oder Ernest Bloch och Anzuch fonnt an d'Lëtzebuerger Hifi-Anlagen. Et sinn Enregistrementer, déi an de spezialiséierte Revuë gutt Kriticke kréien a wou den OPL schonn op eng stattlech Zuel vun Auszeechnunge kënnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well et sech an der Haaptsaach ëm déi finanziell Participatioun vum Stat an der Fondation Henri Pensis handelt, wëll ech de finanzielle Kontext vun dësem Projet nach eng Kéier unhand vun e puer Zuele méi däitlech maachen. D'Dépensë fir 2003 belafe sech fir den OPL op e globale Montant vun 12,2 Milliounen Euro. D'Joer 2003 ass virun allem duerch den Ausbau vun der Presenz um internationale Plang gepräegt. Duerch Tourneeën ënnert anerem an Éisträich, an dat besonnesch zu Wien, Italien an Däitschland, esou wéi am asiatesche Raum, ginn d'Käschte fir den OPL an d'Luucht.

De Stat participéiert géigewäerteg mat engem Betrag vun 10 Milliounen Euro. Nëmmen ongefeier 20% vun den Dépensë ginn duerch eege Recetten, dat heescht virun allem duerch de Verkaf vun Entréesbilljeeën an Abonnementer ofgedeckt. De Loyer an der Villa Louvigny beleeft sech jährlech op 500.000 Euro ouni Chargen. Déi 50 Concerten, déi an eisem Land, bei eis also, stattfannen, bedeiten e Käschtepunkt, dee sech op 1,4 Milliounen Euro beleeft. Déi 23 Concerten, déi am Ausland programméiert sinn, belafe sech op 2 Milliounen Euro. Dobäi kommen déi fix Käschten, déi sech am Ablack op 8,2 Milliounen Euro belafen, esou wéi d'Fonctionnementskäschten, wéi beispillsweis d'Chefs d'orchestre, d'Solisten oder d'Déplacementer, déi sech op 4 Milliounen Euro belafen.

Wat d'Recetten iwwert de Sponsoring ubelaangt, esou ass festzehalen, datt d'Kontrakter mat der SES a mat der BGL op en Enn gaange sinn. Am Ablack ass den OPL amgaang mat neie Partnere Konventiounen auszehandelen, Konventiounen déi awer nach net sprochräif sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den OPL huet der Kommissioun matgedeelt, datt en Taux d'autofinancement vun 30% erreecht gi kann. Am gläichen Otemzuch huet hien awer och ze verstoe ginn, datt, wann et eleng ëm d'Kritäre vun der Rentabilitéit goe soll, d'Präisser vun den Entréesbilljeeë substanziell missten an d'Luucht goen. Et ass virun allem de Verkaf vu Lizenze fir Disquen, esou wéi de Verkaf vun den Disquë selwer, dëst iwwerwiegend am asiatesche Raum, wat an der Haaptsaach zur Image de marque vum Orchester bäidréit.

D'Performancë vum OPL esou wéi déi finanziell Situatioun vum Orchester sinn de Kontext an dee sech dësen Text integréiert. De virleiende Gesetzestext ännert d'Artikelen 2, 3 a 4 vum Gesetz vum 19. Abrëll 1996 iwwert déi staatlech finanziell Participatioun an der Fondation Henri Pensis, wou de Stat jo och Grënnungsmember ass.

Déi staatlech Participatioun an der Fondatioun gëtt no den neien Dispositiounen op 11 Milliounen Euro fixéiert. Domadder gëtt och d'Gesetz vum 4 Dezember 1967 iwwert d'Lounsteier ofgeännert. Zu gudder lescht ginn e puer Ännerunge redaktioneller Natur an de Gesetzestexter vum 9. Januar 1998 a 24. Juli 2001 virgeholl, op déi ech awer net méi wëll an och net méi brauch zréckzekommen, vu dass d'Kommissioun an de Statsrot alles souwisou guttgeheescht hunn.

***(Interruption)***

De Rescht. Dat ass jo nëmmen e ganz klengen Detail, Här Fayot.

De virleiende Gesetzestext ass den 12. September 2002 vun der Ministerin fir Kultur, Héichschoulen a Fuerschung, der Madame Erna Hennicot-Schoepges, an der Chamber deponéiert ginn. An der Sëtzung vum 13. Januar 2003 huet d'Kommissioun den Text an dem Statsrot säin Avis vum 10. Dezember 2002 ënnert d'Lupp geholl. De schréftleche Rapport ass an der Kommissioun de 24. Mäerz presentéiert, analyséiert an adoptéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Januar 1996 ass déi privat Fondatioun Henri Pensis an d'Liewe geruff ginn, fir d'Gestioun an d'Promotioun vum OPL ze assuréieren. Laut dem Gesetz vum 19. Abrëll 1996 ass déi initial staatlech Hëllef op e Montant vun 10 Millioune Frang festgesat ginn. Déi jährlech Hëllef aus dem Statsbudget ass op e Montant vun 225 Millioune fixéiert ginn, wou nach eng complémentaire Hëllef vu 75 Milliounen eiser aler Frang dobäikomm ass. Déi global Hëllef errechent sech also aus dësen Zuelen a beleeft sech op ronn 8,07 Milliounen Euro. De Betrag, deen am Budget fir 2003 agedroen ass, beleeft sech op 10,55 Milliounen Euro, dat heescht ëm bal en Drëttel méi héich wéi déi global Zomm, déi am 96er Gesetz virgesinn ass, wat géint déi gesetzlech Basis verstouss huet.

Doriwwer eraus ass de Kredit, deen am Budget virgesinn ass, en net limitative Kredit. De Statsrot huet an dësem Kontext säi Befriemen iwwert de Raisonnement vum Législateur ausgedréckt, deen am Exposé des motifs de Rapprochement vum Stat mat den Etablissements publics ervirgehuewen huet. Während beim 96er Gesetz d'Regierung sech géint d'Schafung vun engem Etablissement public décidéiert hat, deemno och géint dee vum Statsrot.

An dësem Kontext huet de Statsrot duerfir och den Artikel 99 vun der Verfassung invoquéiert, wou geschriwwe steet: „Aucune charge grevant le budget de l'Etat pour plus d'un exercice ne peut être établie que par une loi spéciale.“ De Statsrot ass der Meenung gewiescht, dass dës Dispositioun och bei dëser Gesetzesvirlag spille muss an net duerch e Renvoi am Artikel 2 op en net limitative Kredit am Budget 2003 iwwergaange ka ginn.

Déi héich Kierperschaft huet dofir eng formell Oppositioun ugekënnegt an deem Fall wou d'Propositioun fir eng Textännerung, wéi se vum Statsrot proposéiert ginn ass, net zréck behale géif ginn.

D'Regierung huet sech bereet erkläert fir e limitéierte Kredit am Text ze verankeren, dee sech no den neien Dispositiounen op 11 Milliounen Euro beleeft. Dee Kredit huet keng Répercussiounen op de Budget 2003, well deen ageschriwwene Kredit déi gesetzlech fixéiert Limite net iwwerschrëtt, par contre hält d'Regierung un enger privater Fondatioun fest.

Ech wëll nach e puer Wierder iwwert d'Aarbechten an der Kommissioun verléieren, déi, wéi et sech fir eng parlamentaresch Kulturkommissioun gehéiert, an engem gudden a kolleegiale Klima iwwert d'Bühn gaange sinn. Merci de Beamten aus dem Ministère. Och merci de Leit aus dem OPL, déi eis déi néideg Informatioune ginn hunn. D'Madame Hennicot huet an der Kommissioun nach eng Kéier preziséiert, datt d'Regierung un enger privater Fondatioun festgehalen huet, fir ze verhënneren datt den OPL zu engem Statsorchester géif ginn. Eng privat Struktur erméiglecht doriwwer eraus och een Deel vun de Käschten iwwer Sponsoren ofzedecken. Wat de Sponsoring en tant que tel ubelaangt, sou erhofft sech d'Kommissioun, datt et zu engem neien Elan kënnt, wann de Concertssall Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte ageweit gëtt. D'Kommissioun huet doriwwer eraus d'Hoffnung zum Ausdrock bruecht, datt d'Etüd iwwert de Mécénat geschwënn ofgeschloss gëtt, fir Kloerheet an dësem wichtegen Dossier fir déi Lëtzebuerger Kulturzeen ze kréien.

Mam Appel fir dësen Text an där Form ze stëmmen, wéi mer en elo virleien hunn, a mam Accord vu menger Fraktioun, schléissen ech mäi mëndleche Rapport a soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, den Appel vun onser Presidentin vun der Kulturkommissioun wäerte mer selbstverständlech héieren a mir soen hir och merci fir déi ausféierlech Duerleeung vun deem Projet. Mir wäerten déi Finanzsprëtz fir den OPL iwwert d'Fondation Henri Pensis matstëmmen. Dir erlaabt mer awer trotzdeem eng Partie Remarken.

Déi éischt Remarque hunn ech schonn an der Kommissioun gemaach, ech wëll se awer hei nach eng Kéier soen. Dëst ass eigentlech vun der Form hier e komescht Gesetz, well dräi ganz verschidde Saachen dra sinn. Engersäits natierlech déi Finanzsprëtz fir d'Fondation Henri Pensis, dann eng Korrektur vun engem anere Gesetz an en plus nach d'Transpositioun vun enger Direktiv.

Ech muss lech soen, et huet mech eigentlech gewonnert dass de Statsrot, dee jo awer oft Kommaë réckelt, fir esou formal Saachen eigentlech keng Remarque iwwreg hat. Ech muss och soen, dass den Titel vum Gesetz relativ komesch ass, wann een do liest, dass mer hei e Projet de loi hunn „modifiant 1) la loi du 19 avril 1996 autorisant le Gouvernement à participer comme membre fondateur, à accorder une aide financière annuelle...“ Dat ass als Formulatioun net ganz glécklech an ech menge schonn, dass mer an der legislativer Aarbecht vläicht e bësse méi opmierksam sollen an Zukunft sinn.

Här President, de Radiosorchester, wéi e fréier genannt ginn ass, ass jo eng privat Affär gewiescht, well d'CLT fréier Musik gebraucht huet fir iwwer Antenne ze spillen. Dee Radiosorchester ass duerch d'Evolutioun vun de Medien an engem gewëssene Sënn iwwerflësseg ginn, a wéi dat sech an enger gudder privater Gesellschaft gehéiert: Wat zu näischt méi nëtzt, dat muss dann entweder ewech rationaliséiert ginn oder mer musse kucken, dass mer et op eng aner Manéier récupéréieren. Dat ass jo 1995/1996 geschitt, doduerch dass de Stat eigentlech deen Orchester iwwerholl huet.

Et ass jo, wéi d'Madame Presidentin elo just gesot huet, deemools d'Fro gewiescht: Mir wëlle keng Statskultur, mir wëlle kee Statsorchester, wat solle mer maachen? Et sollten d'Vertuë vun der Privatinitiativ profitéiert ginn an d'Dier sollt opgemaach ginn an enger Zäit vu grousser wirtschaftlecher Expansioun a vu grousser finanzieller Aisance fir Sponsoren an och d'Erraspille vu Recetten. Dëst huet sech jo awer bekanntlech als Trugschluss erwisen an den Eclat vun dem Här Statsminister iwwert de Sponsoring an deem Zesummenhang ass jo nach an der Erënnerung vun ons alleguerten.

Finalement hu mer elo mat dësem Gesetz am Fong eng nei Form vu Gesellschaft geholl. Mir hunn eng privat Stëftung mat enger gesetzlech festgeluechter Budgetsdotatioun. Wann een dee prezise Fall hei kuckt, ass dat ze akzeptéieren, well et huet sech erausgestallt, dass déi Leit, déi an där Stëftung sinn, gutt a seriö Aarbecht maachen an och eng strikt Finanzéierung fleegen. Do ass eigentlech näischt drun ze soen. Et ass trotzdeem, mengen ech, eng Iwwerleeung wäert, Här President, an ech wär frou wann d'Madame Minister kënnt e Wuert dozou soen, wéi an Zukunft déi net voll staatlech, respektiv privat Strukture par rapport zum Stat fonctionnéieren, respektiv kontrolléiert ginn.

Mir hu jo an der Kultur och eng Partie Etablissements publics. Hei hu mer eng Fondatioun, also eng privat Stëftung mat öffentleche Gelder. Dat gëtt e bësse vill mat der Zäit an e bësse vill Duercherneen, an ech wär wierklech frou wa mer do kënnten ons mol eng Kéier, och an der Kulturkommissioun, driwwer ënnerhalen. Här President, dat wier eng gutt Aufgab fir mol eng Kéier sachlech an der Kulturkommissioun iwwert d'Strukture vun dem Kulturschaffen an dem Kulturfördern ze schwätzen, fir ze gesi wéi mer et fäerdeg brénge, do wou de Stat awer de gréissten Deel vun de Fräen dréit an déi meescht Suen eragëtt, wéi mer also de staatleche Subventionnement mat der Öffnung op d'Zivilgesellschaft, op d'Privatinitiativ kënne verbannen a Kloerheet schafen.

Dat waren, Här President, déi puer Remarken, déi ech zu deem Gesetz hei wollt maachen. Wéi gesot, mir stëmmen dëse Projet, well mer och iwwerzeegt sinn, dass den OPL e wichtege Kulturträger an onsem Land ass, dass e gutt Aarbecht leescht an dass mer an deem Orchester wierklech eng formidabel Visitëkaart, net nëmme fir d'Land heibannen, mä och fir baussen hunn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Den Här Krieps huet d'Wuert.

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Här President, ech wollt fir d'éischt am Numm vu menger Fraktioun der Madame Stein merci soe fir hire gudde Rapport, dee mëndlechen an dee schréftlechen.

Ech schwätzen net zu de Punkten zwee an dräi vun dësem Gesetz, wat am Fong nëmmen en Toilettage de Texte ass. Zum Historique vun dëser Gesetzesvirlag wollt ech e puer Wuert soen.

De Statsrot huet am Joer 1995 zum Projet 4095 beim Iwwerhuele vun dem sougenannten RTL-Orchester den Etablissement public als Gestiouns- an haaptsächlech als Finanzéierungsmodus virgeschloen. Déi deemoleg Regierung hat fir eng Fondatioun optéiert. Ech verweisen op déi bal konstitutionell Debatt vum Dezember 1995 an Abrëll 1996, nodeem dass de Statsrot dem Projet 4095 d'Dispens vum zweete Vote refuséiert hat. Deemools huet d'Demokratesch Partei duerch de Mond vun hirem mandatéierte Spriecher Carlo Meintz de Standpunkt vertrueden, dass den Etablissement public virzezéie wär.

Och ons gréng Kolleegen, duerch de Mond vum honorabelen Här Garcia, hunn am Dezember 1995 déckt Geschëtz géint d'Regierung agesat a sech enthale bei deem Vote. Ech erënneren un e puer Wierder, déi gefall sinn: Manner fir d'klassesch Musek. Dat Wuert manner koum zweemol vir, Här Garcia. Ech hunn Är Ried bis op déi lescht Zeil gelies. D'Wuert Kulturbedruch koum op. Oder de Kulturbudget ass e Bluff. Dat sinn e puer erausgepickte Wierder, déi deemools gebraucht si ginn, fir haaptsächlech awer déi 30% Ausgabe fir den Orchester an d'Liicht ze réckele vum allgemenge Kulturbudget deemools.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Dann hat den Här Garcia e schlechten Dag deemools.

Une voix.- Awer haut nach méi e schlechten.

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Beim zweete Vote, muss ech zwar soen, hunn déi Gréng an den Här Garcia fir dat Gesetz gestëmmt, an dat am Abrëll 1996. Souguer den distinguéierte philosophesche Philolog Robert Garcia huet sech deemools net méi gescheit, fir déi philharmonesch Philanthropie vum Stat ze ënnerstëtzen. Dat gëtt e bëssen ze vill där Philo, fannt Dir net och?

Mä ech mengen, no dem zweete Vote vum deemolege Projet stoung eppes fest, dat war dat wat all Parteie wollten, dass deen Orchester iwwerliewe sollt an enger éischter Phas. An déi philharmonesch Philanthropie vum Stat sollt och ergänzt ginn duerch privat Sponsoren. Déi Rechnung an déi Hoffnung sinn awer aus ganz ville Grënn net opgaangen. An den Här Fayot huet et scho gesot, mir erënneren un déi Sortie vum Statsminister am Hierscht. Ech gleewen nawell, dass seng Wierder méi wäit gaange sinn, aus senger Enttäuschung eraus, wéi seng Gedanken. Also wier et normal gewiescht…

***(Interruption)***

Wat mengt Der? Neen, dem Här Statsminister seng Wierder, wou en haaptsächlech géint d'Banke gezunn ass, awer net géint seng favorite Entreprise, d'SES. En ass jo haaptsächlech géint d'Banke gaangen. Do huet e senger Enttäuschung Loft gemaach.

***(Interruption)***

Ech weisen awer drop hin, dass am schréftleche Kommissiounsbericht vun där Kommissioun am Februar och just d'SES als Bénéfacteur do zitéiert gëtt an net d'Banque Générale, déi och vill Mérite un deem Orchester bruecht huet. Ech hunn d'Lëscht vun de Sponsoren op den Dag vum 2. Abrëll, dat ass gëschter, a menger Mapp do, an den Annexen. Ech si gutt informéiert, Här Weiler, wéi esou oft. Mä et wier also normal gewiescht an dësem Gesetz, an dat ass fir ons normal, dass eben d'Participatioun vum Stat déplafonéiert gëtt. Et geet jo dorëms.

D'demokratesch Fraktioun huet och an der Kulturkommissioun dofir plädéiert fir d'Fondatioun virubestoen ze loossen. Mir begréissen, dass d'Madame Ministerin Hennicot déi Notioun vum Crédit non-limitatif fale gelooss huet, wat de Statsrot souwisou net akzeptéiert hätt.

D'Opstelle vun engem rigurösen, prévisionellen, jährleche Budget an eng rigurös Finanzkontroll wäerten d'Gestioun vun deem Orchester iwwer all Kritik ewechsetzen. A mat 92 Museker, a geschwënn 98, kritt deen Ensemble och e gewëssene Volume. Opfalenderweis ass d'Qualitéit vun deem Ensemble an de leschte Jore mierkbar an d'Luucht gaangen.

E puer Wuert muss een och zu de Museker soen. D'Kommissioun war ganz erstaunt wéi d'Madame Ministerin Hennicot gesot huet, dass awer während bal zéng Joer deenen hir Konditiounen net verbessert gi waren, an ech erënneren dorunner och am Kontext vun anere Beruffsgruppen, déi vill éischter do sougenannt mobiliséiert hätten.

Gesot gëtt och, dass an deem Orchester nëmmen 10% Lëtzebuerger sinn. Dir wësst jo säit gëschter moien, dass um allgemengen Aarbechtsmaart nëmme 35% Lëtzebuerger sinn, a vun deene 65.000 leschten Aarbechtsplaze säit 1995 nëmme 7,9% Lëtzebuerger sinn. A wann nach e puer Joer ëmginn, sinn am Orchester prozentual méi Lëtzebuerger wéi um allgemengen Aarbechtsmaart.

Souguer dat Argument vun der Léift vum Lëtzebuerger fir eng Gemengen- oder Statsplaz, entweder am Conservatoire oder an enger Schoul, gëllt hei net. Hei gesäit een also net déi traditionell Wiel tëschent Fräiheet a Sécherheet.

D'Demokratesch Partei bleift fir eng talent- a leeschtungsgebonnen Aarbechtsplaz, och an der Musek. Mir plädéieren, wann Nout un der Fra oder um Mann wier an deem Orchester, fir och Net-EU-Bierger den Zougank ze loossen zu deem Orchester, wat natierlech d'Permis de travail regele mussen, genau wéi an der Recherche, Här Fayot. Mir hate jo schonn Osteuropäer virun 30 Joer an deem Orchester. Ech erënneren un no dem August 1968 an der Tchecheslovakei.

D'demokratesch Fraktioun wier natierlech frou wa mir dee leschte Finanzbericht iwwert den Orchester, deen de leschte Freideg am Conseil approuvéiert gi war, zougestallt kriten. Ech krut dee gëschter owend néierens um „Etat.lu" erausgezunn. Dës rigurös Gestioun virausgesat, ass d'demokratesch Fraktioun, ënnert dem Virsëtz vum Jean-Paul Rippinger, mat sech eens, dësem Projet de loi hir Zoustëmmung ze bréngen.

Ech soen Iech merci.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt mäi Merci un all déi Leit, déi un dësem Projet matgeschafft hunn. Zum Projet selwer, dee schonn hei virgestallt ginn ass, just dat hei.

Am Artikel 1 geet et ëm d'Ännerung vum Gesetz vum 19 Abrëll 1996, wat et deemools der Regierung erlaabt huet de fréieren RTL-Orchester ze iwwerhuelen andeem se als Grënnungsmember un der Stëftung Henri Pensis matmécht an all Joer eng finanziell Hëllef fir dës Stëftung gëtt.

An deenen zwee aneren Artikele gi just Korrekture vu Gesetz oder Direktiv iwwerholl, also Feeler verbessert, op déi ech net nach weider wëll agoen.

Dir Dammen an Dir Hären, et geet also ëm d'Finanze vum OPL, dem philharmoneschen Orchester hei zu Lëtzebuerg. De staatleche Beitrag fir dësen Orchester gëtt op 11 Milliounen Euro, also ronn 450 Milioune Frang pro Joer festgeluecht. Op d'Ursaache vun der noutwendeger Erhéijung, dem Ausbleiwe vu Sponsoren zum Beispill, grad sou wéi op de Wäert vun esou engem Orchester fir Lëtzebuerg, fir säin Image am Ausland a säi kulturellt Liewen, …

***(Interruption)***

…brauch ech hei och näischt méi weider bäizeflécken. Dozou steet genuch am Rapport vun der Kulturkommissioun an dozou sinn och hei scho genuch Wierder gefall.

E puer Froen awer wëll ech hei opwerfen. Dir Dammen an Dir Hären, ass dat alles eis esou vill Sue wäert? Kënne mir eis e Statsorchester leeschten? An hu mir eis mat Prestigeprojeten am Beräich Kultur net iwwerholl? Fir et däitlech ze soen, den ADR ass selbstverständlech och der Meenung an trëtt dofir an, dass de Stat an d'Kultur investéiere muss. Den ADR huet 1996 dofir och dëse Projet matgestëmmt gehat, am Contraire zu anere Parteien, d'DP an déi Gréng zum Beispill.

Ech wëll awer drun erënneren, dass d'Land sech deemools an enger excellenter wirtschaftlecher Situatioun befonnt huet an dass déi optimistesch Previsioune vun der Regierung e groussen Undeel vu private Sponsore versprach hunn. Den ADR huet deemools scho virun dësem onbegrënnten Optimismus gewarnt. Ech war dobäi net deen Eenzegen, deen hei op der Tribün 1996 däitlech gemaach huet, dass villes bei deem Projet vun der Regierung iwwert de Knéi gebrach war. D'Regierung huet eis deemools net d'Wourécht gesot a si huet och deemools net all Käschten op den Dësch geluecht, an haut och nach net. Mir mussen erëm drop hiweisen, dass nach net alles op der Rechnung steet. Ech brauch zum Beispill nëmmen un de Bau vun der Konzertshal um Kierchbierg ze verweisen, wou dësen Orchester ënnerbruecht gëtt. Ofgesinn, dass elo schonn de Präis vum Bau a vun den Equipementer all Grenze sprengt, ass weder den Ënnerhalt vum Betrib fir den OPL nach aner Konsumkäschten dobäi. Ech kann do nëmmen u meng Aussoe vum Joer 2000 erënneren, wéi den ADR seng Bedenken zu dësem Bau scho genannt huet. An dorop wäerte mer sécher nach eng Kéier zréckkomme mussen.

Et besteet och net déi geréngste Garantie, dass déi allze vill optimistesch Zuele vu Concerten an Nolauschterer iwwerhaapt zesumme komme kënnen. Mir fäerten, dat Ganzt hei ass ee Faass ouni Buedem.

Dir Dammen an Dir Hären, 1996 hunn ech hei an der Chamber drop higewisen, dass den ADR léiwer gesinn hätt wann dem Orchester seng Roll méi däitlech preziséiert gi wär, besonnesch seng Aufgab, d'Jugend a jonk Musikanten aus dem Land erun ze zéien an hinnen déi néideg Erfahrung praktesch an engem Orchester ze bidden. D'Realitéit weist eis, dass d'Regierung dorunner net interesséiert ass, mä éischter op elitär, klassesch Opféierunge mat internationalen Artisten hält.

Den ADR ass och der Meenung, dass ee gewëssenen Undeel vum Budget, iwwert deen ee ka streiden, soll a muss an d'Kultur investéiert ginn. Wann et gutt geet, ka vill investéiert ginn. Wann net, dann ebe wéineger. Mä virun allem muss et richteg geschéien, dat heescht an d'kulturellt d'Liewen, net an eidel Hüllen oder protzeg Bauten. Mir hu grouss Bedenken, dass de Stat sech iwwerholl huet mat Musée Pei, Coque, philharmoneschem Bau, Kierchbierg, Rockhal an esou weider. Also musse Prioritéite gesat ginn, an dat besonnesch an Zäite wou de Stat aner Investitioune bremst a schleefen deet a wou de Stat d'Gemengen zwéngt datselwecht ze maachen, fir dass net herno aner wichteg Investitioune mussen zréckgesat ginn.

Et géif eis Leed doen, wann d'Bestoe vun dësem wonnerbaren Orchester duerch déi oniwwerluechten a falsch Ausgabepolitik vun der Regierung géif a Gefor kommen. Den ADR ass awer der Meenung, dass den heitegen OPL eng staatlech Ënnerstëtzung verdéngt a verlaangt dofir, dass d'Regierung all Efforten ënnerhélt déi méiglech sinn, d'Käschten ze drosselen a weider Recetten opzedreiwen. E gudde Rendement muss net onbedéngt an de Finanze leien. Méi wichteg ass de Rendement am kulturellen an edukative Gebitt.

Den ADR wäert sech aus deene genannte Grënn bei der Ofstëmmung enthalen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Géigesaz zu engem vu menge Virriedner brauch ech hei keng kabarettistesch Nummer virzeleeë fir kënnen eng 180°-Wendung anzeleeën. Ech brauch och keng falsch Zitater aus dem Zesummenhang ze rappe fir déiselwecht Meenung ze vertriede wéi viru siwe Joer.

Här President, virun e puer Wochen hu mer hei de Projet vun der Rockhal gestëmmt an huet d'Ministerin hirem Virgänger an deem Dossier virgeworf, dass deemools eng ganz grouss Ënnerschätzung vun den Dépensë vun den Infrastrukture vun der Rockhal getätegt wär ginn. Wat muss een natierlech dann haut soen, well ech erënnere mech, dass den initiale Budget fir de Fonctionnement vum philharmoneschen Orchester op 225 Milioune Lëtzebuerger Frang plus eng Rallonge vu 75 Milliounen, déi u sech awer nëmme provisoresch sollt sinn, ugeluecht war ginn, an haut si mer bei 11 Milliounen Euro, wat eigentlech eng Steigerung vu bal 100%, méi exakt 96% par rapport zum initiale Budget bedeit. Wat muss een dee Moment da soen, wann een hei e Faass ouni Buedem wittert, dat ëmsou méi wou et awer esou ass, dass déi Salairen, déi an deem philharmoneschen Orchester bezuelt ginn, dach net esou bombastesch sinn, an een net kéint ofwaarde bis dass et erëm eng Kéier besser geet, mä dass een do kann esouguer nach eng Rallonge erwaarden?

Mir sinn am Dossier vun dem philharmoneschen Orchester eiser Meenung nach ëmmer trei bliwwen. Mir hunn deen Orchester vu virera considéréiert als e multikulturelle Statsorchester, dee ganz representativ ass fir d'Lëtzebuerger Aarbechtsmaartpolitik. Do hat den Här Krieps schonn e bësse Recht. Mir hu genuch Suen, „retombées financières", fir eis kënnen an alle Beräicher grouss Spezialisten aus dem Ausland ze leeschten, an dann ass et natierlech och net verwonnerlech, dass mer wëllen e Lëtzebuerger Prestigeorchester opbaue mat haaptsächlech Know-how aus dem Ausland.

Ech hunn och näischt dergéint, wann nëmme sechs oder siwe Lëtzebuerger Museker oder Musekerinnen an deem Orchester sinn, well mir wëlle jo hei eisem multikulturellen Terrain gerecht ginn. Mir haten awer deemools plädéiert fir éischter an d'Richtung ze goen, fir ze versichen e regionalen oder interregionalen Orchester opzebaue mat Museker aus der Groussregioun, fir dass dee Rayonnement och representativ wär fir déi Aarbecht, déi um Terrain vun der Musek an der Regioun vir sech geet.

Well mir och dofir sinn éischter an d'Mënschen ze investéiere wéi an de Beton, ass et natierlech fir eis elo e bësse schwiereg fir géint d'Erhéijung vun deem Budget ze stëmmen, wou mer jo wëssen, dass awer en Deel vun där an d'Aarbechtskonditioune vun deene betraffene Leit geet. Dofir wäerte mir eis dann ouni Heulen awer mat Zähneknirschen bei dësem Projet enthalen.

Loosst mech awer trotzdem erkläre firwat dass mir „états d'âme" hunn, wa mir gesi wéi de Kulturbudget ëmmer méi an d'Richtung vun enger Verstaatlechung vun der Kultur geet. Mir erënneren drun - et ass och virdru gesot ginn -, dass d'Ministerin beim hirem Amtsantrëtt widderhuelt drop insistéiert huet, a si huet eis Ënnerstëtzung och do fonnt, si wéilt net an d'Richtung goe fir d'Kultur hei zu Lëtzebuerg ze verstaatlechen, mä fir haaptsächlech de privaten an associativen Incentive ze förderen.

Wann ech elo de Budget ordinaire vun der Kultur vun dësem Joer 2003 kucken, da si mer op 61,8 Milliounen Euro. Dovunner sinn déi traditionell Instituts culturels, also déi staatlech Kulturinstituter mat 26,6 Milliounen dotéiert. Dat si 40% vun deem Budget ordinaire. Wann ech elo all déi nei Kulturinstituter, déi meeschtens ënnert der Form vun engem Etablissement public mä awer och, wéi an dësem Fall, vun enger Fondatioun fonctionnéieren, dobäi rechnen, da sinn ech op engem Montant vu 45,5 Milliounen Euro. Dat mécht scho 75% vun dem Kulturbudget aus. Wann ech da kucken de Poste vun de Konventioune mat den Associations socio-culturelles plus d'Konventioune mat aneren Instituter, da sinn ech op engem Montant vun 23,7 Milliounen Euro.

Wann ech elo déi Iwwerschneidungen ewech rechnen, well jo och de Moment potenziell Kulturinstituter provisoresch nach iwwer Konventioune lafen, déi spéider an en normale Statsbudget lafen, da bleiwe mer fir dee konventionéierte Secteur nach 5,4 Milliounen Euro. Dat mécht 8,7% vum ordinaire Budget aus. Wann ech dovunner ofrechne quasi parastaatlech Institutioune wéi de Casino Forum d'Arts contemporains oder den Théatre national, da bleiwen nach 3,3 Milliounen Euro vu konventionéierten Initiativen. Wann ech vun deenen erëm eng Kéier ofzéien déi, déi kommunaler, interregionaler oder regionaler Natur sinn, wéi zum Beispill de Kulturhuef Gréiwemaacher, de Centre d'Arts pluriels zu Ettelbréck, d'ALAC, den Institut vun den Itinéraires interculturels, d'Sentiers culturels vum Conseil de l'Europe, da bleiwen nach 2,5 Milliounen Euro am Statsbudget vu konventionéierte sozio-kulturellen Associatiounen. Dat mécht ganz genau 4,04% vum Budget ordinaire aus.

Wann ech elo do ofrechnen erëm eng Kéier déi, déi eng reng Distributiouns- oder Diffusiounsfonctioun hunn, an ech loosse just déi, déi haaptsächlech hir Aktivitéitsschwéierpunkten op de sozio-kulturelle Volet leeën, da bleiwen nach ganz genau 0,168 Millioun Euro. Dat mécht 0,27% vum Kulturbudget. Also 0,27% vum Kulturbudget ginn u privat sozio-kulturell Associatiounen, déi hiert Schwéiergewiicht op de „sozio" geluecht hunn. Et ass also net verwonnerlech, dass ganz vill Associatiounen, déi an deem sozio-kulturelle Beräich aktiv sinn, déi awer ganz vill kulturell Aktivitéite maachen, versichen an anere Ministèren Kompensatiounen oder Ënnerstëtzung ze kréien. Zum Beispill den Info-Video-Center, deen eng eege Galerie mécht, ganz vill kulturell Aktivitéite mécht, dee gëtt iwwert de Familljeministère konventionéiert. De Cid-femmes, dee ganz vill kulturell Manifestatioune mécht an och zum Beispill am Beräich vun der klassescher Musek wesentlech dozou bäigedroen huet, fir verscholle Lëtzebuerger an ausländesch Komponistinnen erëm salonfäeg ze maachen, dee gëtt zum allergréissten Deel iwwert de Ministère de la Promotion féminine konventionéiert an nëmme mat 2.500 Euro vum Kulturministère.

Aner Initiativen, déi reng kulturell schaffen, wéi zum Beispill d'A.s.b.l. ChanSong, de Folk-Clupp oder nach aner Initiativen, déi ginn da bei d'Dëppe vum Fonds culturel a si versichen do regelméisseg Einkünften ze kréien. Dat ass natierlech eng Situatioun, déi ech elo net wëll plakativ kritiséieren, well mir hu schonn oft hei versicht een Débat ze lancéieren, wéi mer sollen eens gi mat deem Fait, dass mer engersäits e Fonds culturel hunn, deen haaptsächlech dotéiert gëtt vum Stat, deen en Deel vun deene kulturellen Aktivitéite couvréiert, an anerersäits e Statsbudget, deen ëmmer méi grouss gëtt an deen eigentlech just am Endeffekt dofir do ass, fir haaptsächlech grouss staatlech oder parastaatlech Institutiounen ze finanzéieren.

D'Ministerin huet och schonn e puermol hir Bereetschaft erkläert fir de Fonds culturel ze reforméieren, fir dass mer do an eng aner Situatioun kéimen, ënner anerem och fir méi Transparenz eran ze kréien.

En attendant hunn ech scho beim Budget 2001 eng Kéier ausgerechent wéi et, ech hat deemools 2005 uginn, mä vu dass déi meescht Institutiounen ëmmer erëm verzögert ginn duerch baulech an aner Verzögerungen, géif ech also soen am Joer 2007 kéint sinn. Mer kënnen eng Augmentatioun vu schätzungsweis - hat ech deemools gesot - 38 Milliounen Euro Frais de fonctionnement bei deenen neie sozio-kulturellen Institutiounen envisagéieren. Dat kann an der Zwëschenzäit schonn iwwer 40 Millioune goen. Ech hat deemools ausgerechent, dass bei dem aktuelle Stand vun 2002 ongefeier ronn 89% vum ordinaire Statsbudget entweder a staatlech oder kommunal Institutioune gaange sinn. A mat deem zousätzlechen Apport vun deenen neie Kulturinstitutioune kéint dee Beitrag am Joer 2005 oder 2007 op 93,6 bis 95% eropgoen, an et soll kee mir méi soen, mir hätte keng Verstaatlechung vun der Kultur.

Ech wëll dat och net kritiséieren, well ech fannen de Stat, dee soll seng Responsabilitéiten iwwerhuelen, besonnesch wann ee wéi bei deem Orchester hei gesäit, dass de Privatsecteur sech gréisstendeels deene Verflichtungen entzitt an esouguer éischter an eege Galerien oder an Eegeninitiativen investéiert wéi an déi Initiative vum Stat.

Ech wëll awer trotzdeem nach eng Kéier soen, dass mir déi Evolutioun als awer relativ bedenklech ugesinn an hoffen, dass an deenen nächste Joren do e puer Kurskorrekture kommen, sief et iwwer eng Reform vum Fonds culturel, sief et iwwer eng méi, wéi soll ech soen, thematesch Ventilatioun vun de

Subsiden a vun de Konventiounen zugonschte vu sozio-kulturellen Associatiounen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Minister Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn natierlech frou, well aus deem wat aus der Debatt erausgeet, schéngt et jo wéi wann awer eng grouss Majoritéit vun der Chamber dës Augmentatioun fir de Budget vum OPL géif stëmmen. Ech soen der Madame Stein merci fir d'Aart a Weis wéi si an der Kommissioun dës Aarbechte virbereet huet an och dofir gesuergt huet, datt mer elo virun der Elaboratioun vun dem Budget 2004 eng kloer Situatioun hunn an och wësse wou mer dru sinn.

Ech wëll op verschidde Kriticken dann zréckkommen. Déi Zousätz, déi Iertëmmer, déi hei an engem Gesetz korrigéiert ginn un anere Gesetzer, Här Fayot, dat ass eng Saach déi natierlech mat eiser Procédure législative ze dinn huet. An ech wëll dat vläicht och e bëssen aus menger Erfahrung als fréier Chamberpresidentin soen, wou mer munchmol de Frust haten, datt een net ëmmer sécher war, wann den Text zu Enn élaboréiert war, datt och alles dra war an alles gestëmmt huet, an datt mer et bis elo och nach net esou richteg hikritt hu fir eng Instanz ze schafen, déi dann déi lescht Sécherheet géif ginn. Ech weess och net, wou se misst geschaaft ginn. Mä op jidde Fall huet de Législateur, mat Recht natierlech, net gär wann u sengen Texter Saache falsch sinn, déi herno iwwer Gesetzestexter nees musse korrigéiert ginn. Ech verstinn duerchaus déi Kritik. Mir hate keen anere Wee fir dat do riicht ze béie wéi deen heiten. Ech soen dofir och merci, datt dat konnt mat ënnerbruecht ginn.

Zum RTL- fréieren an heitegen OPL-Orchester. Fir d'alleréischt déi prinzipiell Diskussioun Etablissement public oder Fondatioun. Ech sinn nach ëmmer der Meenung, datt d'Formule vun der Fondatioun déi besser ass, wann ee wëllt e Sponsoring kréien a wann een net wëllt vu vireran an Aussiicht stellen, datt de Stat hei alles dréit. Ech mengen, dofir ass de Virworf, mir hätten hei net alles gesot, mir géifen hei Verstoppches spillen, et géif een net wëssen, wat nach op eis duerkéim, deen ass an där doter Relatioun ze gesinn. Ech mengen, wa gewosst ass, de Stat deen iwwerhëlt dat dote souwisou, da kritt ee jo selbstverständlech ëmmer manner Privatsponsore beweegt fir dorunner deelzehuelen, an dofir muss e gewëssenen Drock bleiwen, et muss eng gewëss Insécuritéit sinn. Passt op, wann eng Kéier d'Zäite méi schlecht ginn, da kann de Statsbudget net ad eternum ausgeweit ginn, an ech géif mech dofir ausdrécklech asetzen, datt et net esou soll sinn, datt hei automatesch de Statsbudget alles iwwerhëlt wat u Käschten ufält.

An deem Sënn huet jo och d'Direktioun vum OPL an de vergaangene Joren immens Effortë gemaach. A wann ech lech d'Sponsoren opzielen, déi mëttlerweil beim OPL derbäi sinn - dat wier vläicht aus dem Bericht vum Joer 2002 ervirgaang, deen der Chamber dann och selbstverständlech ausgedeelt gëtt -, do hunn d'SES, d'Banque Générale, d'Post, d'CEGEDEL, d'Banque de Luxembourg, Paul Würth, Arcelor, CARGOLUX, ISP, PricewaterhouseCoopers an d'HSPC-Bank gesponsort. Dat heescht et si Privatsponsoren, déi hei mat ugetratt sinn. Et sinn der vill méi wéi et der virdru waren. Et ass eng Augmentatioun vu 14% am Budget vun 2002 u Gelder, déi duerch private Sponsoring konnten erwirtschaft ginn. D'Stad Lëtzebuerg ass och zu de Sponsoren ze rechnen. Dankbarerweis kënne mer eis drop verloossen, datt all Kéiers déi Zouwendunge kommen, déi si als Membre fondateur bäisteieren.

An deem Sënn ass et schonn net esou, datt och den Opruff vum Statsminister ouni Echo bliwwe wier. Et muss en awer dann natierlech dozou soen, datt déi Aart a Weis, wéi den OPL haut mat senge Gelder haushalt, den absolute Luef verdingt. Dat geet jo och aus den Debattebeiträg ervir. Ech soen dem Här Krieps merci, datt hien dorop higewisen huet, datt wierklech d'Musiker net mat Saucisse ugestréckt sinn, wann een dat esou e bësse populär ka soen, well wann een déi gréisst Kategorie vun de Musiker kuckt - dat ass d'Kategorie 3 vun de Gehälter -, da gesäit een datt d'Gehälter an der Gréissenuerdnung leie vun deem wat d'Endgehalt vun engem Huissier beim Stat ass, an do muss ee soen, dat ass net iwwerdriwwen. Dat si keng Supergehälter. Déi Musiker sinn net esou bezuelt, datt ee kënnt soen, do gëtt iwwert d'Sträng geschloen an do gëtt iwwerdriwwen. Et ass natierlech och remarquabel, datt deen Orchester nimools Problemer gemaach huet, datt et nimools zu Aktioune komm ass, déi de Betrib perturbéiert hätten, au contraire, et war ëmmer eng grouss Bereetschaft, e groussen Idealismus do fir do ze sinn, wann et geheescht huet fir eben deen Ambassadeur culturel ze si fir eist Lëtzebuerger Land, dee mer brauchen.

A wann ech do kucken, wéi mer eis munchmol ploe fir eisen Image de marque no baussen ze verbesseren, a wéi mer Broschüren drécken, déi heiansdo a ville Kellere stockéiert sinn an net ausgedeelt ginn, a wéi mer künstlech wëllen eis en aneren Image ginn, wéi ëmmer nëmmen dee vun der Bankeplaz mat deem mer meeschtens an negativ Schlagzeile geroden, dann ass den OPL en excellent Beispill.

Eleng duerch d'Iwwerdroung an duerch d'Zesummenaarbecht mat der UER, Unioun européenne de radiodiffusion, an och domat dem sozio-kulturelle Radio hei zu Lëtzebuerg, kënne Concerten a vill Länner iwwerdroe ginn. Zum Beispill ass de Concert vum 24., 25. November a 14 Länner iwwerdroe ginn. Wa mer eis dann emol e Bild maache wéi vill Milliounen Auditeure mer domat erreechen, wéi vill mol do de Numm Lëtzebuerg fält am Zesummenhang mat excellenter Musik, dann, mengen ech, hu mer hei Ausgaben déi, an deem Kontext gekuckt, sech duerchaus justifiéiere loossen.

Ech wëll zum Schluss awer nach e puer Wuert zu deene Virwërf soen an zu deenen Awänn, déi hei mengen, mir hätten eis iwwerschat oder mir hätten eis op e Wee begaang, wou mer op eemol mat de Finanzen an der Kultur net méi duerkommen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn all Kéiers esou betraff, wann ech gesi wéi bei der Kultur hei d'Hoer gespléckt ginn, woubäi an anere Beräicher déi dote Froen net gestallt gi sinn. Zum Beispill hu mer de Fënnefjoresplang am Sport ouni Weideres gestëmmt. Den aachten ass et. Et si ganz gewëss gutt Investitiounen, an och do gëtt et Folgekäschten, an do ass kee Mënsch dee sech d'Fro stellt, ass dat do net ze vill, hu mer eis do net iwwerschat. Et ass och kee Mënsch deen d'Fro opwerft, wéi et ass mat dem Finanzement vun deenen Institutiounen, déi eis jo sollen op anere Gebidder vertrieden, déi net ëmmer eis qualitativ esou gutt Leeschtunge bréngen - dovun net geschwat -, mä déi awer och eppes kaschten. Nu gëtt nun eemol Verschiddenes finanzéiert iwwer Lotto. Dat ass eng Kéier décidéiert ginn. Ech géif mer wënschen, datt een och esou eng Formule fir d'Kultur géif gesinn als Zousazfinanzement. Ech géif awer hei och wëlle virun enger Panikmache warnen.

Mir hunn emol éischtens an dëser Phas zënter 1995 en Nohuelbedarf. Jiddferee ka sech nach erënnere wéi mer 1995 d'Kulturjoer haten, wat fir een Aarmutt datt dat war, datt mer keng Infrastrukturen haten, an datt mer eis do hu misse mat Zelter aushëllefe fir einegermoosse kënne kulturell Aktivitéiten hei oflafen ze loossen.

Wa mer eis vergläiche mat Stied wéi Metz, Tréier, Saarbrécken, musse mer dach soen: Si mer e Land oder si mer kee Land? An da brauche mer e Concertssall. Mir brauche ganz einfach Infrastrukturen, déi och engem Land würdeg sinn. Wann ech dat a Relatioun setze mat der Evolutioun vun dem ordinaire Budget vun den Ausgabe vun der Kultur, da gi mer zur Zäit 1,19% insgesamt vun eisem Statsbudget fir Kultur aus. Ech géif soen, wann do och nach e puer Punkten hannert dem Komma derbäi géife komme fir all déi grouss Equipementer, déi elo op eis duerkommen an déi mat der Finanzinspektioun, mam Budgetsminister all Kéiers an hirer Evolutioun duerchgeschwat sinn a sech selbstverständlech mussen no der Budgetsnorm ausriichten, da si mer an enger Situatioun déi duerchaus ze vertrieden ass, déi eist Land op den Niveau vun aneren Nopeschlänner emol setzt, ouni datt mer déi iwwerschreiden.

Dat gesot, ass natierlech déi Relatioun fir ze soen, Dir investéiert an déi staatlech Kultur an Dir loosst déi sozio-kulturell Associatiounen op der Säit, eng falsch Rechnung, well alles wat hei gemaach gëtt, esouwuel de Concertssall wéi d'Rockhal wéi de Centre culturel Neimünster, vun deenen Infrastrukture profitéieren dach leschten Enns och all déi doten Organisateuren, déi iwwert de Wee vun der Bereetstellung vun Infrastrukturen oder vu logistescher Hëllef, déi do hir Aktivitéite kënne maachen. Et ass also net nëmmen dat wat a Form vu Subsiden erausgeet, et ass och eng Aide en nature, déi een hei a Rechnung muss stellen.

Ech sinn dofir der Meenung, datt mer wuel eis sollen iwwerleeë wéi mer kënnen eng Reform vum Fonds culturel ustriewen, fir och do déi ekonomesch Notiounen emol dran ze kréien. Net all Kultur ass defizitär. Do gëtt et Organisatioune mat deene Geld verdéngt ka ginn. Wann do iergend ee Veräin e gudde Concert mécht, wou e ganz vill Spectateuren huet, da kann en duerchaus seng Rentréeën eraspillen. Da loosst mer eis dat emol aus de Käpp eraushuele loossen, datt et do ëmmer nëmmen drëm geet fir de Grapp opzehalen, datt d'Kultur am Fong geholl e Faass ouni Buedem ass, wéi hei gesot ginn ass. Dat ass net méi richteg.

Esou wéi haut de Kulturbetrib fonctionnéiert, ass dat en Investissement an Aarbechtsplazen. All Suen, déi hei ausgi ginn, do sinn der ganz vill déi gläichbedeitend si mat Aarbechtsplazen, an deen Zousaz, deen haut gestëmmt gëtt hei vun der Chamber, dat ass fir e Betrib vun 100 Aarbechtsplazen ofzesécheren.

An deem Sënn sinn dat och Leit déi Steiere bezuelen, déi erëm eng Kéier Recettë fir de Stat bréngen, déi hei Sue verzieren, déi hei en ekonomeschen Apport bréngen, an dofir loosse mer eis dach lassmaachen, well wa Vertrieder vun der Kulturkommissioun vun der Chamber mat dem Gedanke ronderëm ginn, datt d'Kultur e Faass ouni Buedem ass an ëmmer nëmme muss de Grapp ophalen, dann hëlt se jo der Kultur dat wat hiert eegent ass, hir Dignitéit. Et geet hei drëm fir Kultur ze maachen an enger Atmosphär vu Würde, fir déi Aktivitéiten op deeselwechten Niveau ze setzen. Si stinn a menger Appréciatioun iwwert dem Niveau vun aneren Aktivitéiten, well se eben dat Geeschtegt uspriechen am Mënsch, an ech mengen, Dir Dammen an Dir Hären, méi wéi jee hu mer dat haut néideg.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mer kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleiende Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 45 Jo-Stëmmen an 12 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf (par M. Ady Jung), Norbert Haupert (par M. Fred Sunnen), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Georges Wohlfart), MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Lucien Lux), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer (par M. Jean Asselborn) et Georges Wohlfart;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, kënnt Der net eng Kéier no deene Maschinen do kucken?

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- D'Procuratioun geet einfach net!

M. le Président.- Wat geet dann net? Mat Ausnahm vun aacht Stéck, déi net besat sinn, fonctionnéiert et dach.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Jo wéi dann? Mir konnte keen drécken. D'Procuratioun ass net gaangen. Mir konnten net fir ee stëmmen.

M. le Président.- Ass bei lech och d'Procuratioun net gaangen?

Des voix.- Dach.

M. le Président.- Dir musst op déi richteg Knäppercher drécken.

Gëtt d'Chamber d'Dispens zum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4949 iwwert d'Festung vun der Stad Lëtzebuerg.

Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Schroell, Greisen a Garcia.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Claude Wiseler.

## 2. 4949 - Projet de loi relative à la restauration et à la mise en valeur de certaines parties de la forteresse de Luxembourg

***Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture***

M. Claude Wiseler *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet am Projet 4949 ëm d'Extensioun vum Itinéraire culturel Vauban, ëm den Aménagement vun dem Musée de la Forteresse an dem Neiopbau vum Fort Obergrünewald an zousätzlech Aarbechte ronderëm d'Forteresse an hei och en Zousazbudget, fir déi Aarbechten ze maachen.

Et sinn a sech Aarbechten, wou méi wéi eng Kéier, wéi dru geschafft ginn ass, d'Fro gestallt ginn ass: Mussen déi Aarbechten elo sinn? Solle mer dat maachen? An eng Fro op déi ee sech muss, wann een esou de Gesetzestext stëmmt, och eng Äntwert ginn, a fir déi Äntwert muss ee sech nach eng Rei aner Froe stellen. Firwat maache mer dat hei? Firwat maache mer déi Aarbechten? An am allgemengen: Wéi gi mer un esou historesch archeologesch Aarbechten erun a mat wat fir enge Kritäre gi mer dorun?

Ech wëll do eng Rei Froestellungen, déi och an der Kommissioun opkomm sinn, vläicht probéieren hei ze resüméieren. Déi éischt Froestellung an deem Kontext ass déi vum Ëmgank, deen ee selwer mat senger eegener Geschicht huet. Ech si keen, dee mengt, datt all Haus hei zu Lëtzebuerg, dat méi wéi 50 Joer huet, erhalenswäert ass, eleng duerch de Prinzip datt et e gewëssenen Alter huet an datt ee kënnt soen, datt et sech domat an iergendeng Geschicht aschreift. Ech mengen awer, datt et wichteg ass, datt een dat wat een als Zeie vun enger preziser Geschicht erausschiele kann, da wann et e Symbol vun eppes ass, da wann et eng besonnesch Plaz an der Lëtzebuerger Geschicht huet, da wann et en Deel vun eiser Identitéit huet, datt et da scho wesentlech ass, datt mer esou Zeie vun eiser Geschicht probéieren ze erhale fir eis selwer, schonn an enger éischter Etapp, well si weisen eis vu wou mer kommen, si weisen eis zu engem Deel och wie mer sinn a ginn zumindest en Deel vun enger Explicatioun vun der Lëtzebuerger Identitéit, zu der Lëtzebuerger Geschicht an hëllefen eis vläicht och domat ganz e wéineg verstoe wou mer higinn.

Déi zweet Froestellung, déi ee sech an deem Kontext muss stellen, dat ass déi: Wat bréngt et eis um ekonomeschen, wat bréngt et eis um touristeschen Niveau? Kann et eng Attraktioun sinn? Kann et an deem Effort, dee mer säit laange Jore maache fir eis Stad, fir eist Land ze weisen, zousätzlech eppes bréngen? Wat dréit et zum Bild vun eisem Land, vun eiser Stad bäi? An esou Aarbechte mussen e Surplus sinn, mussen en zousätzlecht Bild vun eiser Geschicht sinn a mussen zu engem Deel weisen d'Wichtegkeet vun der Stad Lëtzebuerg an dem europäesche Kontext, an der europäescher Geschicht, a mussen eis hëllefen eist Bild an Europa, an der Welt ze bekräftegen, mat där Identitéit déi mer hunn a mat där laangjähreger Geschicht déi eis ass.

Déi drëtt Froestellung an deem Kontext ass: Wat bréngt et fir de Quartier vun der Stad Lëtzebuerg, wou et sech aschreift? Well et huet jo ëmmer eng geographesch Im-

plantatioun. Verschéinert et de Quartier? Ass et eng zousätzlech Attraktioun? Bréngt et zousätzlech Liewensqualitéit an engem Quartier?

An ech denken datt déi Aarbechten, déi hei virgestallt sinn, déi Extensioun vum Circuit Vauban engersäits, an och dem Musée de la Forteresse, op déi dräi Froestellunge kënnen eng positiv Äntwert ginn.

De Circuit Vauban, well en zousätzlech zum Circuit Wenzel sécherlech en touristeschen Attraktiounswäert huet an a sech och eng ganz Rei Méiglechkeete gëtt fir kulturell a majeur Attraktiounen duerch d'Lëtzebuerger Stad ze weisen. E féiert duerch déi historesch Quartiere vun der Stad, weist déi wichtegst Punkten, déi strategesch Punkte vun der Stad, e weist de militäresche Passé vun der Stad Lëtzebuerg, e weist och zu engem Deel de Charme vun de Faubourgen, de Charme vum Pafendall an e gëtt d'Méiglechkeet fir eng ganz Rei Vuen iwwert d'ganz Stad ze kréien.

De Musée de la Forteresse sengersäits, well en d'Alentoure vum Fort Thüngen presentéiert, well en och d'Muséographie verstäerkt a well déi Projeten, déi elo hei virgesi sinn, eis erlaben einfach déi technesch Nécessitéite vun esou engem Musée, wéi zum Beispill d'Sorties de secours oder d'technesch Lokaler, einfach esou hinzekréien, wéi ee se muss hikréien, wann een e moderne Musée mécht.

An de Fort Thüngen, d'Forteresse an haaptsächlech de Fort Obergrünewald, dee frësch opgebaut gëtt, si wichteg, well et d'Méiglechkeet gëtt domat en Ensemble ze presentéieren a sech an déi ugefaangen Aarbechte fäerdeg ze maachen.

Wat d'Fro natierlech hei ass vun deem Projet, dat ass ëmmer bei esou Aarbechte wéi déi hei, wat archeologesch Aarbechte sinn, datt et net ëmmer einfach ass am Ufank d'Extensioun vun esou Aarbechten anzeschätzen, well een net ëmmer weess wat een ënnert dem Buedem fënnt, an duerch dee Grond, well een hei an dem stater Buedem heiansdo méi fonnt huet wéi ee sech am Ufank erwaart huet, ass och eng Extensioun vun der Enveloppe noutwendeg gewiescht.

Et muss ee wëssen, datt déi 14 Milliounen Euro, déi elo hei zousätzlech gestëmmt ginn an dësem Projet, dovunner ronn 5,2 Millioune fir den Neiopbau vun dem Fort Obergrünewald sinn an 3,2 fir d'Muséographie vun dem Musée de la Forteresse.

Et ass awer och ganz kloer, datt et net d'Zilsetzung ass fir déi ganz Forteresse erëm auszegruewen a frësch opzebauen. Dat kann et net sinn, dat däerf et net sinn an dat brénge mer jo och net ronn. Wat awer ganz kloer ass, dat ass datt dëse Fort erëm soll opgebaut ginn an och e klengen Deel vun der Forteresse am Allgemengen, ronn 2,17%. Dëse begrenzten Opbau erlaabt et trotzdeem e gutt Bild ofzegi wat déi Forteresse fréier war an domat e gudden Ableck an eis Geschicht ze ginn.

Ee vun de Punkten, deen d'Kommissioun an der Diskussioun opgeworf huet, war d'Gestioun vun dem Musée de la Forteresse. Do hate mer eng laang Diskussioun driwwer an de Kulturministère huet eis informéiert, datt hien déi Gestioun esou maache wéilt, datt se am Kader vum Artikel dräi vum Gesetz vum 28. Dezember 1988 iwwert d'Réorganisatioun vun den Instituts culturels duerch e Règlement grand-ducal géing eng Sektioun vum Service des sites et monuments ginn, an datt se och kéint, wat déi wëssenschaftlech Expertise ugeet, vun engem Comité d'experts begleet ginn. Dat ass eng Aart a Weis fir dee Musée ze géréieren, deen a sech der Kommissioun positiv ageliicht huet.

Da wëll ech nach soen, datt mer an deene leschten Deeg och eng Fiche financière, déi vum Conseil d'Etat a vun der Kommissioun gefrot war, zur Verfügung gestallt kruten op Basis vum Artikel 79 vum Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget, d'Kontabilitéit an d'Trésorerie vum Stat, esou datt sech elo jiddferee kann e Bild maachen, wat d'Nofolgekäschte vun deem heiten Text sinn.

Voilà, ech wëll domadder soen, datt de Conseil d'Etat den Accord zum Text gëtt an datt d'Majoritéit vun der Kommissioun och der Chamber réit dësen Text ze stëmmen. Ech soen lech domat merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech wëll fir d'éischt am Numm vun onser Fraktioun e puer Wuert soen. Meng Fraktioun wäert dëse Projet stëmmen. Et ass an der Continuatioun vun enger Entreprise, déi 1993 ugaangen ass, wéi mer an dëser Chamber e Gesetz gestëmmt hunn, wat 270 Millioune fir d'Restauratioun vun der Forteresse virgesinn hat. Dunn ass d'Gesetz vun 1997 komm iwwert de Musée vun der Forteresse fir 665 Milliounen an elo dat heite Gesetz 4949 vun engem Montant vu 566 Milliounen al Lëtzebuerger Frangen iwwert de Finissage vum Sentier Vauban an och d'Muséographie vun dem Musée de la Forteresse. Insgesamt sinn also 1? Milliard al Lëtzebuerger Frange fir déi Entreprise vun dëser Chamber gestëmmt ginn.

Et kann een duerfir eng Partie Argumenter fannen. Den Här Rapporteur huet dat jo mat grousser Prezisioun gemaach. Hien huet et och net un engem gewësse Lyrismus feele gelooss, wann ech a sengem Rapport liesen iwwert de Circuit Vauban, wou hie seet: „Il passe par de vieilles portes de ville, traverse de sombres casemates, franchit d'élégants ponts fortifiés et visite plusieurs ponts et bastions." Dat ass jo bal eng dithyrambesch Beschreiwung vun deem Sentier, deen do opgebaut gëtt. Am Exposé des motifs gëtt jo och ganz staark drop higewisen op déi touristesch Attraktioun, déi dat da fir déi Leit ausmécht, déi op Lëtzebuerg komme sollen, ugezu vun dësem Sentier Vauban.

Mir wëssen och, dass deen déckste Batz vun deem Projet, dee mer elo hei ze stëmmen hunn, den Erëmopbau vum Fort Obergrünewald ass, dat heescht e grousse Fort, den Dräi Eechele virgelagert, an den Aménagement vun deem ganze Ronderëm. Wéi gesot, meng Fraktioun stëmmt dëse Projet. Ech wollt awer och am perséinlechen Numm e puer Remarken dozou maachen, déi vläicht e bësse méi kritesch sinn. Ech hunn déi Projete virdrun net matgestëmmt, well ech zu där Zäit net d'Éier hat an der Lëtzebuerger Chamber gewiescht ze sinn. Ech hunn also do vläicht eng gewësse Fräiheet vis-à-vis vun der Entreprise, déi do gemaach ginn ass.

Éischtens emol muss ech soen, dass ech e bëssen erstaunt sinn, dass am Projet, deen elo virläit, am Musée de la Forteresse nei Dépensë dobäikomme fir zum Beispill eng Sortie de secours op eng aner Plaz ze maache wéi se virdru virgesi war, an dass d'Salle de spectacle huet misse réaménagéiert ginn, well d'Maquette vun der Festung vun der Stad Lëtzebuerg dobäikënnt. Ech hätt mer geduecht, dass een dat awer hätt kënne virdru plangen. Iwwregens muss ech och soen, dass mer an der Kommissioun ganz staark kritiséiert hunn, dass dee Musée vun enger A.s.b.l. sollt géréiert ginn. Verständnegerweis huet d'Regierung jo do agelenkt a gesot dat géif e Service ginn, dee rattachéiert wier un de Service des sites et monuments, wat mir natierlech begréissen.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Meng Kritik ass awer an der Haaptsaach déi ganz wäitgehend Restauratioun vu Festungselementer. Fir mech ass den Opbau vun deem Fort Obergrünewald wierklech iwwerdriwwen. Ech fanne wierklech, dass een net muss esou wäit goe fir d'Festung interessant ze maachen. Ech menge souguer, dass dee Wiederopbau vun dem Fort Obergrünewald d'Silhouette vun der Stad Lëtzebuerg ännert. Ech sinn déi lescht Wochen öfters am Pafendall circuléiert, dat écraséiert richteg de Pafendall. Ech muss och éierlech soen, dass ech dat Argument vun der Revalorisatioun vum Pafendall duerch dee Sentier Vauban net esou gesinn. Fir de Pafendall a sech ass domat net ganz vill erreecht.

Ech muss éierlech soen, dass deen Erëmopbau elo ophéiere muss. D'Madame Minister huet jo och an der Kommissioun gesot, dass dat heiten dat lescht wär wat mer erëm opbaue géifen. Ech si frou, dass déi Deklaratioun vun der Madame Minister komm ass. Mir haten esou eng Phas och fir d'Festung en valeur ze stellen um Enn vum 19. Jorhonnert wéi den Huelen Zant opgebaut ginn ass, nodeem dass d'Festung geschlaff ginn ass. Bon, elo maache mer och, ech wëll net soen eng Partie huel Zänn dorëmmer, mä trotzdeem geet et e bëssen an déiselwecht Richtung. Ech erënneren och drun, dass dat d'Zäit war wéi den Hochkönigsburg opgebaut ginn ass oder wéi Neuschwanstein gebaut ginn ass. Dat ass also eng Manéier fir un eng Stad erun ze goen, déi ech net esou appréciéieren. Duerfir wäert ech mech bei dësem Projet enthalen.

Här President, wéi gesot, dat soll deem net Ofbroch dinn, dass trotzdeem hei eng interessant touristesch Attraktioun gemaach gëtt, mä ech mengen et muss een oppassen, dass een net iwwerdreift mat der touristescher Attraktioun. D'Forteresse, d'Alstad ass keen Disneyland. Et ass eng Stad déi liewe soll, déi hir Silhouette, hir Geschicht behale soll an ech menge mir sollen, well mer eben och esou vill Suen haten an och nach ëmmer hunn, net iwwerdreiwe fir ze vill domat ze maachen, dat ze vill ze exploitéieren.

Heiansdo ass et gutt, wann een eng Stad sech natierlech entwéckle léisst. Ech sinn och vill op Dräi Eechele gaang a vill an de Pafendall spazéiere gaang, éier dat hei alles gebaut ginn ass. Ech muss lech soen: Et hat ganz vill Charme.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den Här Schroell ageschriwwen. Här Schroell, Dir hutt d'Wuert.

M. Marco Schroell *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosst mech am Ufank vu menger Interventioun dem Här Wiseler merci soe fir säin detailléierte Rapport zu dësem feelerfräie Gesetzesprojet. Et handelt sech hei ëm eng weider Restauratioun a Valorisatioun vun eiser Festung. Dës Restauratioun ass schonns virun zéng Joer hei décidéiert ginn a mat Erfolleg um Terrain an Ugréff geholl ginn. Weider Deeler vun dësem imposanten architektonesche Komplex sollen elo vun esou enger Opwäertung profitéieren.

Eis Festung ass ouni Zweifel d'Markenzeeche vun der Stad Lëtzebuerg a prägt d'Landschaftsbild op eng impressionnant Aart a Weis. Bidden eis haut déi al Festungsmaueren e wonnerschéint Postkaartemotiv, esou musse mer eis awer bewosst bleiwen, datt keng esthetesch Kritären dëse Bau diktéiert hunn. Neen, et ware militäresch a strategesch Suergen, déi iwwer Jorhonnerten d'Form vun der Festung bestëmmt hunn.

Här President, d'Festung ass enk mat eiser Geschicht verbonnen. Ouni wëllen eng historesch Ausféierung op dëser Plaz ze maachen, wou ech op all eenzel Contributioune vun deene verschiddene Besatzungsmuechte beim Entstoe vun der Festung kéint agoen, kann een awer ganz generell soen, datt d'Festung esou ze soen d'Opfer vun hirem eegene Succès war.

Konnt si wuel der stater Bevölkerung méi wéi eng Kéier Schutz bidden, sou war se dach dank hirer excellenter geographescher a strategescher Lag, an dat ass déi aner Säit vun der Medail, alle Convoitisen ausgeliwwert. Attacken a Belagerungen sinn net ausbliwwen zum Leed vun der lokaler Bevölkerung. Lëtzebuerg gouf duerch seng renommëiert Festung zur „pomme de discorde" an zum Spillball vun deene groussen Natiounen.

Dës Situatioun huet ugedauert bis 1867, nodeems et bal zu engem Krich fir de Besëtz vun eisem Land tëschent eisen zwee groussen Nopere koum. Fir deem Gestreits iwwert d'Festungsstad en Enn ze setzen, hunn déi grouss europäesch Natiounen um Londoner Kongress décidéiert, Lëtzebuerg wesentlech manner interessant ze maachen, ganz einfach andeems den Atout par excellence sollt verschwannen. Deemno gouf d'Festung geschlaff an et war eriwwer mam Gibraltar vum Norden.

Et soll een awer net nostalgesch doriwwer sinn, vill méi war d'Schläife vun de Festungsmaueren eng Chance fir eist Land, well et effektiv laang Joren a Rou gelooss gouf. Et war och eng Chance fir d'Stad selwer, déi sech konnt ausbreeden, sou ze soen aus sech eraus goen. Do wou déi imposant Festungsmauere stonge si Parken entstanen. Nei Wunnquartiere sinn déi aner Säit entstanen, wéi de Belair an de Lampertsbierg, an och a Richtung Gare konnt d'Stad sech entwéckelen.

Glécklecherweis blouf eis awer ee groussen Deel vum Festungskomplex, deen am Fong just entschäerft gouf, erhalen, sou datt haut nach weider dem Vauban seng Aménagementer d'Silhouette vun der Stad prägen. Während laange Joren ass awer deen eenzegaartege Patrimoine sech selwer iwwerlooss gewiescht, oder et ass sporadech an oft op eng onwëssenschaftlech Aart a Weis rafistoléiert ginn, wéi mäi Virriedner dat elo un Hand vum Huelen Zant erwähnt huet.

Zënter den 80er Jore konnt dunn d'Revalorisatioun vun der Festung mat Konzept an Ugréff geholl ginn. Dës Astandsetzung huet och Fouillen an deemno nei Erkenntnisser mat sech bruecht. D'Zil vun där Restauratioun war a bleift net einfach nëmmen déi visibel Strukture méi uschaulesch ze gestalten. Verschiddenes ass an deenen zéng leschte Joren och erëm opgebaut ginn an dat am Respekt vun deenen internationale Chartë vu Malta a Venedig. Dat heescht, Ales an Neies muss kënne vun eneen ënnerscheet ginn. Och den Avis vun der UNESCO, deen d'Festung an déi al Quartieren 1994 als Weltkulturpatrimoine klasséiert huet, gëtt enk befollegt. Och ass et net d'Zil, esou vill wéi méiglech erëm opzeriichten. Bei deem heitege Projet de loi sinn insgesamt 2,7% vun der gesamter Festung concernéiert. De Fort Obergrünewald soll representativ fir déi aner Forten erëm opgebaut ginn, an e konkret Beispill vun esou engem Bau duerstellen.

D'Festung an d'Alstad ginn als Lieu de rencontre verstanen an net nëmmen als stomm Maueren. De Circuit Wenzel an de Circuit Vauban beweisen, datt een op eng interessant a pedagogesch Manéier de Leit d'Festung ka méi no bréngen. Dëst ass och de Sënn vum Festungsmusée op den Dräi Eechelen, deen dësem Projet no soll ausgebaut ginn. D'Extensioun vum Circuit Vauban erméiglecht zugläich eng Revalorisatioun vum Pafendall. Hei befanne sech effektiv déi meescht Iwwerreschter, déi mat dësem Projet solle restauréiert ginn. Dësen traditionelle stater Quartier kéint deemno zu neiem Liewen erwächen.

Här President, an deene leschte Joren huet sech eis Festung als Publikumsmagnéit, souwuel fir d'Leit déi hei liewe wéi och fir d'Touristen etabléiert. Dat beweisen déi héich Visiteurszuele vu méi wéi 120.000 Leit pro Joer. D'Festung ass deemno e Fer de lance vum stater an nationalen Tourismus. Mir wëssen all wéi eng Wichtegkeet den Tourismus mat sengem ekonomeschen Aspekt fir eis Geschäftswelt huet. D'Festung ass sou ze soen eng vun eise beschte Visitëkaarten iwwerhaapt.

De Sënn vun der Festung huet sech also radikal geännert. Hat se eng militäresch a strategesch Funktioun à l'origine, sou huet se elo eng kulturell. War et an der Vergaangenheet den Zweck vun der Forteresse, Friemer dobaussen ze loossen an ofzeschrecken, also defensiv, sou gesi mer se haut als Unzéiungspunkt, als attraktiv Invitatiounskaart, déi d'Leit solle bewege bei eis ze kommen. Här President, dofir wäert meng Fraktioun och hiren Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Schroell. Als nächste Riedner ass den Här Greisen ageschriwwen. Här Greisen, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Greisen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Merci un all déi Leit, déi un deem Projet matgeschafft hunn. Ech wëll net och nach esou wéi d'Riedner vun de Majoritéitsparteie mat groussaartege Wierder weider Argumenter liwwere fir an eng touristesch Broschür iwwert d'Festung Lëtzebuerg, an dofir zum Projet just dat hei.

Et ginn eng Rei Aarbechten erméiglecht fir d'Erhalen an den Ausbau vu wichtegen Zeien aus eiser Vergaangenheet, mat ënnert anerem de Festungswierker Berlaimont, Nieder- an Obergrünewald an Thüngen, an nach den Ausbau vum Circuit Vauban.

Mat am Projet sinn awer och Ausgaben enthalen, déi et erméiglechen eng Ausstellung an d'Ariichtung am Festungsmusée Dräi Eechelen ze maachen. Déi virgesinne Käschte sollen eppes 14 Milliounen Euro net iwwerschreiden. D'Aarbechten, déi iwwer fënnef Joer lafen, sollen also ronn 565 Millioune Lëtzebuerger Frang kaschten. Den Ëmfang an d'Dauer vun dësen Aarbechte loossen et zou, dass Lëtzebuerger Entreprisen hei während fënnef Joer weider eng Beschäftegung fir hir Leit fanne wäerten, eppes wat grad an dësen Zäiten net ze ënnerschätzen ass.

En éischt Gesetz aus dem Joer 1993 huet deemools ronn 270 Millioune virgesinn, fir iwwer sechs Joer verschidden Iwwerreschter vun de Festungsbauten erëm opzeriichten. D'Aarbechte sinn zur allgemenger Zefriddenheet ausgefouert ginn. Et muss een awer dat Ganzt kucken, andeem een och d'Gesetz vum 17. Februar 1997 mat abezitt, wat ronn 670 Millioune fir de Festungsmusée virgesäit.

An deem Zesummenhang wëll ech un d'Positioun vum ADR erënneren, wou ech gesot hunn: De Projet vum Festungsmusée geet net wäit genuch, hien ass net komplett. De Projet restauréiert nëmmen e klengen Deel vun enger eenzeg nach zesummenhängender Festungsanlag. Schonn deemools huet den

ADR virgeschloen, dass nieft dem Klasséieren och d'Opwäerten an d'Schütze vum ganze Plateau mat de Festungswierker gemaach misst ginn, mam Erhalen a Verbessere vum natierlechen Ëmfeld vum Plateau mat senge Bëscher, Parkanlagen als Erhuelungsgebitt. Wéi ëmmer huet d'Regierung och hei d'Ausgaben ënnerschätzt, well jo mat dësem neie Projet och Gelder virgesi gi fir d'Austellung an d'Ariichtung am Festungsmusée selwer.

Schonn am Joer 1997 huet de Statsrot déi feelend Berechnung vun de Betribskäschte bemängelt. Haut si mer 2003, an net méi spéit wéi gëschter krute mer e Blat vun der Regierung mat e puer Zeilen iwwer geschätzte Käschten a méiglechst Akommes. En Investitiounsprojet vun enger halwer Milliard mat esou engem Pabeier ze begrënnen, dat féiert an der Privatwirtschaft an d'Faillite. Mat esou engem Pabeier no sechs Joer Zäit beweist d'Regierung, dass se dëse Projet net anstänneg virbereet hat an d'Chamber och net eescht hëlt.

Dir Dammen an Dir Häre, et ass en décke Batz u Steiersuen déi de Stat ausgëtt fir eis Geschicht an eis Kultur iwwert d'Festungsstad ze erhalen a weider ze vermëttelen. Den ADR ka mat den Ausgabe vun dësem Projet averstane sinn. D'Grënn an d'Motivatioun, déi ausféierlech an de virleienden Texter opgezielt sinn, kënnt ech net besser hei virbréngen. Et gesäit een, dass hei engagéiert Leit um Wierk waren. Dëse Leit aus dem Service des Sites et Monuments, aus dem Veräin vun de Festungsfrënn an och nach anerer, déi sech fir d'Opwäertung vun eiser Geschicht a Kultur asetzen, gehéiert do éischter eise Merci wéi der Regierung.

Den ADR wäert dëse Projet matstëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Greisen. Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Här Garcia, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, vorab eng kleng Remarque, déi ech inspiréiert krut duerch e Virriedner, dee gesot huet, dass fréier d'Festung Lëtzebuerg geholl ginn ass fir d'Ausländer oder déi extern Leit eraus ze huelen an haut huele mer se fir Leit eran ze kréien. Et muss een natierlech soen, dass mer nach weider eng Festung hu fir aner Leit eraus ze halen. Déi ass natierlech net méi an der Stad Lëtzebuerg, mä op Schengen an op d'Grenze vun Europa verschobe ginn.

Eng weider preliminär Remarque. Am Géigesaz zu aneren Deputéierten hei, wëll ech net, wann ech mech eng Kéier gëiert hunn, da Slalom féiere fir dat riichtzebéien, mä ech wëll mech hei dann eng Kéier korrigéieren iwwer eng falsch Ausso, déi ech bei der Diskussioun iwwert d'Rockhal hei gemaach hunn, déi och an deen heite Projet gehéiert. Ech hunn nämlech deemools gesot, dass beim Vote iwwert de Projet Neimünster wär e Projet déposéiert gi mat 115 grammatikaleschen an orthographesche Feeler. Dat war natierlech falsch, well éischtens war et dee Projet vun der Festung, deen am gläichen Owend wéi deemools dee vun Neimünster hei evakuéiert ginn ass an et huet sech net ëm 115 mä 102 grammatikalesch an orthographesch Feeler gehandelt, wat natierlech nach ëmmer ze vill war. Mä ech hunn déi Remarque misste maachen, well zwee Virriedner hei gesot hunn, et hätt sech beim Här Wiseler sengem Rapport an och beim Projet ëm e feelerfräien Text gehandelt. Elo weess ech net ob déi Leit schonn deemools dobäi waren. Wa se dobäi waren, dann hätt dat kënnen eng ironesch Konnotatioun hunn. Dat bestätegt, dass déi Fuerderung, déi mir ëmmer säit 15 Joer gesot hunn, dass de Kulturministère misst personell opgestockt ginn, dass dat elo agetratt ass an dofir d'Gefor vun esou klenge Panne méi geréng ginn ass an dass déi Texter, déi haut aus dem Kulturministère kommen, der Perfektioun bedrohlech nokommen.

Ech kommen dann zu dem Projet selwer. Et ass zumindest een Aspekt vun deem heite Projet géint deen ech net ka vill soen, well de Musée de la Forteresse ass u sech eng Initiativ, déi vun eiser Fraktioun ausgaangen ass, souguer vu mir selwer. Ech hunn nämlech deemools bei den Debatten zum dem Pei-Musée eng Proposition de loi déposéiert fir net nëmmen deen Deel, deen haut als Festungsmusée virgesinn ass, mä dee ganze Fort Thüngen als e Musée de la Forteresse ëmzebauen. Dat war natierlech engersäits fir e Géigegewiicht géint d'Verschandelung vun dem Fort Thüngen duerch de Pei-Musée ze maachen. Mir hate jo deemools eng Proposition alternative um Site vun de Rotonden an dat war awer och anerersäits d'Bestriewe fir dat lescht Zeugnis vun der Festungskultur zu Lëtzebuerg, déi eigentlech ganz intakt bliwwe war oder zumindest visibel bliwwe war, integral ze schützen.

Deemools krut ech och gehollef beim Konzept vun där Proposition de loi vun eminenten Denkmalschützer, an ech muss mer elo nach haut de Virworf heiansdo gefale loossen, ech hätt mat där Initiativ d'Szen vun de kriteschen Denkmalschützer gespléckt, well een Deel huet sech du vum Kulturministère fänke gelooss a sinn dee Kompromëss agaange fir en Deel vun dem Fort Thüngen fir de Pei-Musée ze opferen an als Contre-partie quasi d'Dräi Eechelen an dat Gebai hannendrun ze kréie fir e Festungsmusée.

Ech stinn awer nach ëmmer zu där Initiativ, well ech fannen, quitte dass ech déi Reserven nach ëmmer zum Pei-Musée hunn, dass ech déi Initiativ, fir de Fort Thüngen zu engem Festungsmusée ëmzebauen, nach ëmmer richteg fannen, an ech muss och soen dass dee Concept muséologique, deen den Här Calteux an eiser Kommissioun presentéiert huet, eigentlech zimlech iwwerzeegend geklongen huet. Iwwert d'Fonctionnements- a Gestiounskritäre kann een natierlech streiden, mä dat ass jo och net den Objet vun dësem Projet de loi.

Wou ech natierlech e bësse méi Schwieregkeeten hunn, a mir allgemeng, ass e bëssen déi Hierarchie vun der Conservatioun. Et gëtt ëmmer gesot, mir missten nach zwee Komma esou vill Prozent vun der Festung erhalen, déi iwwerhaapt nach visibel wär. Da muss een awer kucken, dass et an der Politik eng gewëssen Hierarchie gëtt. Op der ieweschter Pyramid vun der Hierarchie sti representativ Gebaier vun der Regierung, sief et e Musée d'Art moderne, sief et eng Cité judiciaire, fir déi dann awer och wäertvoll Bausubstanz geopfert gëtt.

Als zweet an der Hierarchie stinn d'Parkplazen, well ech wëll drun erënneren, dass eigentlech nach keen op d'Iddi komm ass fir en Deel vun der Festung, deen am Stadpark Lëtzebuerg ass, fräizeleeën an dem Publikum zougängeg ze maachen, mä et war awer séier bal jidderee bereet fir deen Deel fir e Parking ze opferen, quitte dass an deem Parking dann nach e puer Fënstere sinn, wou ee kann en Deel vun där aler Substanz bewonneren.

An un drëtter Stell vun der Hierarchie sinn dann eben déi lescht Deeler vun der Festung, déi dann ausgebuddelt ginn an déi ginn natierlech och oft op d'Käschte vun der véierter Schicht vun der Kategorie, nämlech déi vun der Natur. Well ech wëll drun erënneren, an den Här Fayot huet dat och scho mat engem gewëssenen Nostalgiegehalt gesot, dass et awer op dem Site vun den Dräi Eechelen zu importenten Agréffer an deen natierleche Bestand komm ass, an och dee sougenannte Park, deen do fir deier Suen investéiert gëtt an dee mer jo och d'lescht Joer jo hei gestëmmt hunn, verdrängt awer net gewësse Wermutstréinen, déi jiddfereen, deen dee Site do widderhuelt besicht huet, an ech hunn dat och a menger verflossener Jugend ganz oft gemaach. Dofir hu mer awer trotzdeem nach ëmmer Etats d'âme, wa mer elo hei déi Transformatioun am grousse Stil vun deem Site gesinn.

Mir kënnen awer trotzdeem akzeptéieren, dass an engem behutsame Mooss verschidden Elementer vun der Festung fräigeluecht ginn. Wou mer allerdéngs net domat averstane sinn, dat ass wierklech déi, wéi den Här Fayot och scho gesot huet, iwwerdriwwe Fräisetzung vun Erënnerungen a Form vun enger zimlech plomper Rekonstruktioun. Dat erënnert een natierlech indirekt u Carcassone, quitte dass de Vergläich e bësse gewot ass, well Carcassone jo wierklech eng Fiktioun war, während hei eigentlech opgrond vu Pläng en zimlech naturgetreie Wiederaufbau ass.

Mir sinn awer grondsätzlech éischter dofir fir eeler Festungselementer zwar ze konsolidéieren, mä an hirem historesche Verfall ze dokumentéieren an net eppes Kënschtleches erëm opzeriichten. Dat ass natierlech eppes wou een, wann een dat streng verfollegt, dann däerf hei an der Stad scho bal iwwerhaapt keen Haus méi verteidegen, well déi meescht Haiser, déi hei ronderëm sinn, et fänkt bei der Chamber un an et hält bei normale Geschäftshaiser an der Grousgaass op, sinn eigentlech vun engem totale Fassadismus infizéiert, wou just nach d'Fassad stoe bleift an hannendrun eigentlech iwwerhaapt näischt méi vun där historescher Bausubstanz vorhanden ass.

Wat eis och e bësse stéiert, dat ass dass d'Festung Lëtzebuerg eigentlech dat eenzegt Denkmal kulturhistorescher Natur ass wat Lëtzebuerg e bëssen aus dem Rumpf vun der Mediocritéit steige léisst. Well all déi aner Monumenter, esouguer eis berühmte Buergen, sinn am Vergläich zu deenen, déi et a Frankräich, Italien oder Spuenien gëtt, nach ëmmer relativ bescheiden. Ech mengen, mir waren ëmmer en Département des forêts mat relativ wéinege Ressourcen, an dat Eenzegt wat hei vun Envergure gebaut ginn ass waren effektiv déi militäresch Infrastrukturen, déi ebe vu verschiddene Besatzungsmächten hei opgebaut gi sinn.

Dofir si mir natierlech grondsätzlech dofir, dass ee soll d'Festung als essentiellen Attraktiounspunkt ausbauen an erëm eng Kéier revaloriséieren. Allerdéngs si mir och géint esou eng Disney- oder Vauban-Disney-Konzeptioun, wéi et hei dréit auszeaarten, an ech hoffen dass trotzdeem herno, wann de Circuit bis fäerdeg ass, eng gewësse Vernunft nach herrscht.

Ech wëll awer zum Schluss op zwee Punkten agoen, déi nach en suspens bleiwen an dem Rapport vun der Kommissiounssëtzung vum 23. Januar. Dat sinn also 2½ Méint hier. Hei liesen ech: „Suite à une question de Monsieur Garcia, Madame la Ministre propose de faire calculer le montant total investi pour la conservation des vestiges de la forteresse". Ech wier nawell frou ze héiere wéi dann do dee Montant total wär. Ech mengen esou lues sinn d'Rechemaschinen am Ministère jo och net.

Dat zweet Zitat wat ech aus der Sitzung vum 23. Januar zréckbehalen hunn ass folgend: „Sur une question de Monsieur Garcia Madame Hennicot-Schoepges répond que la fiche financière concernant le fonctionnement du musée de la forteresse sera mise à la disposition de la commission". Et huet also och bal iwwer zéng Woche gedauert bis déi Fiche financière a leschter Minutt komm ass. Ech war e bëssen irritéiert, dass mer virun e puer Deeg, dat war den 1. Abrëll, ech hu geduecht et wier vläicht e Witz, mer amplaz enger Fiche financière e Bréif krute wou de Budgetsminister Luc Frieden seet, dass hie keng Observatioun hätt iwwert déi Fiche financière. An eréischt den Dag duerno, eigentlech gëschter just virun der Sitzung, kënnt dann déi Fiche financière. Ech hunn dat e bëssen eng komesch Prozedur fonnt. An ech hunn awer dunn emol eng Kéier d'Kontabilitéitsgesetz vun 1999 nogekuckt, an do liesen ech dann am Artikel 79-1 vun deem Gesetz vum 8. Juni 1999: „Lorsque des projets ou propositions de loi, des projets d'amendements d'initiative parlementaire ou ministérielle ainsi que des projets de règlement comportent des dispositions dont l'application est susceptible de greffer le budget, ils sont obligatoirement accompagnés d'un exposé des recettes et des dépenses nouvelles ou des modifications de recettes et de dépenses à prévoir au budget. Cet exposé comprend une fiche financière renseignant sur l'impact budgétaire prévisible à court, moyen et long terme. La fiche financière doit comporter tous les renseignements permettant d'identifier la nature et la durée des dépenses proposées et leur impact sur les dépenses de fonctionnement et de personnel." An ech ginn dovunner aus, dass, wann dat am Budgetsgesetz steet, dat net dofir do ass, dass déi Fiche financière just fir d'Regierung oder fir de Budgetsminister bestëmmt ass, mä dass déi och der Chamber virleie soll.

Bon, elo hu mer zwou Méiglechkeeten. Entweder hunn déi Dépensen direkt mam Projet ze dinn, zum Beispill Bautendépensen, da mécht et Partie intégrante vum Projet. Wann et awer esou ass, dass mer zum Beispill e Bauteprojet hu wou et kloer ass, dass déi Bauten net gemaach ginn, fir dass se just do an der Natur stinn, mä dass se herno mat Liewen erfëllt ginn an dass se herno Fonctionnements- a Gestiounskäschte beinhalten, da gräift dat heite wat am Budgetsgesetz steet, nämlech déi Dépensen, déi susceptible si fir de Budget de l'Etat ze grevéieren. An da fanne mir et awer ganz normal oder scho bal banal, dass beim Dépôt vun esou engem Projet schonn esou eng Fiche financière misst dobäi sinn oder spéitstens wann d'Kommissioun, déi zoustänneg ass, ufänkt un deem Projet ze schaffen.

Aus deem Grond wëll ech hei eng Motioun déposéieren, déi d'Regierung opfuerdert an Zukunft dat ze maache wat eigentlech am Budgetsgesetz steet, also quasi sech un d'Budgetsgesetz ze halen.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que des projets de loi portant sur des investissements publics dans des infrastructures culturelles sont susceptibles d'entraîner, au-delà des frais d'investissement faisant partie du projet de loi, des frais d'entretien, de gestion et de fonctionnement ultérieurs qui risquent de grever le budget de l'Etat;*

*- consciente du fait que ces frais de gestion et de fonctionnement ultérieurs ne peuvent être chiffrés avec exactitude, mais que pour le moins les députées et députés devraient disposer des mêmes estimations que celles fournies au ministre du trésor et du budget;*

*- considérant que l'article 79.(1) de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorie de l'Etat préconise que*

*« lorsque des projets ou propositions de loi, des projets d'amendement d'initiative parlementaire ou ministérielle ainsi que des projets de règlement comportent des dispositions dont l'application est susceptible de grever le budget, ils sont obligatoirement accompagnés d'un exposé des recettes et des dépenses nouvelles ou des modifications de recettes et de dépenses à prévoir au budget. Cet exposé comprend une fiche financière renseignant sur l'impact budgétaire prévisible à court, moyen et long terme. La fiche financière doit comporter tous les renseignements permettant d'identifier la nature et la durée des dépenses proposées, leur impact sur les dépenses de fonctionnement et de personnel. »;*

*- considérant que dans ces conditions l'information du législateur ne peut pas se limiter à une information de la part du ministre du trésor et du budget, mais que la fiche financière citée doit obligatoirement accompagner le projet de loi à être traité par la commission parlementaire compétente;*

*invite le Gouvernement*

*- à joindre à tout projet de loi susceptible de grever le budget de l'Etat une fiche financière renseignant sur l'impact budgétaire prévisible à court, moyen et long terme, suivant les dispositions de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'Etat, et à veiller que cette fiche financière soit à la disposition des députées et députés dès le dépôt du projet à la Chambre.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Sur ces bonnes et nobles pensées soen ech Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Garcia. D'Wuert huet dann elo d'Regierung an ech ginn d'Wuert dann un d'Madame Ministesch Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- Här President, ech soen dem Rapporteur Claude Wiseler merci an der Presidentin vun der Kommissioun och, well et ass wichteg dass mer dëse Projet nach kënnen haut evakuéieren, esou wéi ech dann och allen Deputéierte merci soe fir hir Zoustëmmung. Et ass nämlech um Enn vun eise Kreditter net méi méiglech nach weider ze schaffen, wa mer net vun der Chamber de Feu vert kréien. Ech wëll duerfir och e Wuert soen zu där ganzer Restauratiounspolitik.

Mir hunn zu Recht, wéi de Rapporteur et opgeworf huet, e puer Etappen. Mir hunn déi Soinen, déi mer gi fir al Haiser. 90 Joer sinn et fir wann ee wëllt Subside kréien dofir an et ass eng ganz Politik dorauser entstanen. Wann déi Politik Succès hat, dann ass dat haaptsächlech engem Mann ze verdanken, deen ech och haut wëll ernimmen an him merci soe wéi bei alle Geleeënheeten, wou ech dat kann, de Georges Calteux, dee mam Pilgerstab duerch d'Land gaang ass an deen d'Leit iwwerzeegt kritt huet, datt se hir Haiser net ofrappe sollen, net moderniséieren an net mat Plastiksfassaden ëmgi sollen, mä am ale Stil erëm an d'Rei setzen.

Dat huet dozou gefouert, datt mer d'lescht Joer dat zéngdausendst Haus konnte priméieren, datt et also eng Boule de neige ginn ass, datt vill Privatleit investéiert hunn. Dat war eng Politik, déi duerch minimal Subside vum Stat awer der Ekonomie ganz vill brénge konnt, well grad duerch déi dote Politik vu Restauratioun hu vill Lëtzebuerger Betriber Aarbecht kritt, an dat ass och bei dësem Projet erëm eng Kéier eng Begleiterscheinung.

Wa mir hei restauréiere ginn, da sinn dat Gelder, déi an d'Lëtzebuerger Betriber erafléissen, grad besonnesch an dee Secteur vum Bau, dee sech fir de Moment e bësse Suerge mécht ëm seng Opträg fir dëst Joer. Dës Gelder kënnen déi Betriber berouegen andeems se hinnen erëm eng Kéier

Aarbecht ginn. Et ass also eng Politik, déi à la fois der Ekonomie zegutt kënnt, déi eise Betriber zegutt kënnt an déi dann eis Bausubstanz, wou een zu Recht muss soen, datt mer keng formidabel Bausubstanz hunn, datt se net vergläichbar ass mam Ausland, datt et wéineg Haiser gëtt, déi richteg prestigiéis sinn, mä datt au contraire dee Charakter, deen éischter e ländlechen ass, e bescheidenen, dee vum Bauerenhaus, datt deen awer och derwäert ass fir erhalen ze gi fir ze dokumentéiere wéi eis Geschicht gewuess ass.

Déi Politik ass net esou einfach duerchzesetzen. Wat mer méi eis elo ëm d'Urbanisatioun vun eise Stied an Dierfer Gedanke maachen, an och dat vum architektonesche Standpunkt a vum urbanistesche Standpunkt hier kucken, wat et mer och méi noutwendeg schéngt do méi prinzipiell nei Grondsätz opzestellen, well mir kënnen net ëmmer weiderfuere mat dem Klassement vun eenzelnen Objeten an der Erstellung vun engem Périmètre de protection an da soen, elo musse mer kucke wat sech dorauser ergëtt, an da gesi mer datt mer der Zäit ëmmer hannendru wäerte lafen. D'Entwécklung geet nämlech méi séier viru wéi mir vum Kulturministère a vum Service vu sites et monuments déi dote Politik kënne richteg ëmsetzen.

Et ass also do eng Reflexioun erfuerdert. Ech hoffen, datt déi Reflexioun am Kader vum Projet vum Aménagement du territoire kënnt, an der Erstellung vun neien Aktivitéitszonen a vun iwwerhaapt enger neier urbanistescher Gestaltung vun eise Stied an Dierfer, an datt mer an deem Fall als Kultur net vergiess ginn, mä mat dobäi sinn.

Eng aner wichteg Politik ass déi vun der Dokumentatioun vun eiser Geschicht, an do ass ganz sécher eis Festung eent vun de wichtegen Elementer. A wann ech op de Fort Thüngen méi spezifesch däerf zréckkommen, dann ass d'Geschicht vun deem Festungsmusée déi, déi jo aus enger Contestatioun vun engem anere Projet entstanen ass, well alleguerten déi, déi sech un de grousse Projet Pei erënneren, deen Ufanks den 90er Joren hei an der Diskussioun war, déi erënnere sech drun, datt mat deem Projet de ganze Beräich vun den Dräi Eechelen, vun deem wat nach do stung, an de Musée d'art contemporain, wéi en deemools geheescht huet, integréiert gi wier.

An deem Sënn ass déi Zweedeelung op där doter Plaz och eng Symbolik vun héijem Wäert. Dat huet emol éischtens zur Folleg, datt mer dat Aalt an dat Neit mateenee verbannen, datt mer eis mat der UNESCO all Kéiers ofséchere gelooss hunn. Duerfir soen ech deenen, déi hei Termë wéi Walt Disney gebrauchen: Wann d'UNESCO eis dat dote guttheescht, dann ass et ganz bestëmmt net Walt Disney an hiren Aen, well soss hätte mer net den Accord fir dat doten esou ze maache wéi mer dat maachen. Dat ass also alles fachgerecht hannerluecht an och gepréift.

Mir hunn et also fäerdeg bruecht, an et ass erëm eng Kéier eng Politik, déi iwwer laang Zäit an iwwer vill Contestatiounen huet missen duerchgesat ginn, fir al an nei mateneen ze verbannen, fir doriwwer eraus awer och dat Stéck Geschicht wat eiser Festung zu Gronn läit kënnen nozeweisen a selbstverständlech hu sech do Konfliktpunkten erginn. Et ass hei opgeworf ginn, firwat dass mer elo an dësem Projet d'Sortie de secours hu missen änneren. Et war nun emol esou, datt mat den Aarbechten aner Sortien entdeckt gi sinn, datt och d'Zesummewuesse vun deenen zwee Projete stänneg tëschent den Architekten diskutéiert ginn ass, an datt sech da leschten Enns d'ITM, déi als Instanz fir d'Sortie de secours d'Zoustännegkeet huet, duerchgesat huet a gesot huet: „Dir musst déi dote Sortie de secours an deem Sënn ännere wéi se elo hei am Projet virgesinn ass".

***(Coups de cloche de la Présidence)***

D'Erstellung vun de Besoine fir d'Festung ze restauréiere konnt eréischt au fur et à mesure gemaach gi wéi d'Aarbechte vun den Ausgruewunge virugaange sinn. Dat heescht, datt ee bei all Restauratiounsprojete vun dëser Envergure natierlech net vun Ufank u soe ka wéi héich déi genee Berechnung vun de Käschten ass. Dat ass jo net méiglech bäi eppes wat ënnert dem Buedem läit. Éischtens wësse mir jo emol net wat ënnert dem Buedem läit a mir wëssen och net wat fir eng Envergure dat kritt bis mer et ausgegruewen hunn. Esou datt dat am Fong eng Politik an Etappen ass.

Wa mer nach an eisem ale Kontabilitéitssystem gewiescht wieren, dann hätte mer hei iwwerhaapt kee Projet de loi bräichte virzeleeën. Dann hätte mer dat Ganzt iwwer e Fong vun der Restauratioun vun dem Monument historique finanzéiere kënnen. Mir hätten dat au fur et à mesure gemaach wéi mer Gelder an deem Fong gehat hätten a mir hätten domadder déi Restauratiounsaarbechte maache kënnen.

D'Restauratiounsaarbechte vun der Festung hunn 1991 ugefaangen a gi weider bis 2007. Mir wäerten 2007 insgesamt 1,2 Milliarde Lëtzebuerger Frang an d'Restauratioun vun der Festung eragestach hunn. Dat ass kee klenge Montant an dat misst menger Opfaassung no an deem Moment fir 2,17% vun der Festung, déi mer restauréiert hunn, och duer goen. Mir hunn domat eisen Dû geleescht.

Ech weisen awer drop hin, dass 2,17% net vill ass. Dat ass beileiwen net déi ganz Festung. Dat ass net d'Envergure. Dat ass emol net dat wat ee sech ënnert enger Festung vum Vauban jo bildlech virstelle muss. An déi déi an der Konferenz vum Architekt Vasconi waren, deen all d'Vaubansfestunge beliicht huet, déi kënne sech nach drun erënneren, datt do Lëtzebuerg schäbeg ausgesinn huet mat deem bësse wat et ze weisen huet.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Mä ech mengen et geet duer. Et soll net méi sinn an domat hu mer eiser Geschicht Genüge gedoen. Mir hunn domadder et fäerdeg bruecht déi historesch Bedeitung vun der Festung an hirem ganzen Ausmooss opzeweisen, well et geet jo och drëm fir nozeweise wéi d'Leit gelieft hunn, wéi déi Zaldoten, déi an der Festung waren, hiert Liewen do hu misse verbréngen, wéi déi hiert deeglecht Liewe verbruecht hunn. Et geet net drëm fir hei e militäreschen Exkurs ze maachen an eng Geschicht, déi mer besser vergiesse wéi datt mer se zelebréieren.

An deem Sënn gëtt hei net iwwert d'Streng geschoss. Entschëllegt, Här President, ech soen dem Här Fayot, datt e vergiess huet ee wichtege Projet ze nennen, dee ganz an eiser Noperschaft hei viru kuerzem restauréiert ginn ass. Dat ass d'Schlass vu Malbrouk. Dat ass vun der franséischer Regierung mat ganz ville Gelder, mat europäesche Gelder esouguer hei an der Noperschaft opgebaut ginn, an dat am Joer 1996. Also et ass net esou, wéi wa mir hei aus dem Kader vun der europäescher Denkmalschutzpolitik géifen erausfalen. Et huet dofir vläicht net grad déi Envergure, déi een hei elo wëllt iwwerbewäerten, well 2,17% vun engem ganze Bauwierk, wat d'Stad Lëtzebuerg duerchzitt, dat ass leschten Enns nach net terribel.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Ganz sécher ass de Vaubanswee, deen d'Weiderféierung vum Wenzelswee ass, ee Mëttel fir Touristen an d'Stad ze kréien. Et ass och ee Mëttel fir de Lëtzebuerger de Spadséiergank duerch dës Quartiere vun der Alstad méi agréabel ze maachen a se dohinner ze lackelen. Et huet also och ee Wäert fir d'Fräizäitbeschäftegung vu ville Leit, an dee Succès, dee mer jo mat de Visitë vun dem Wenzelswee haten, wäert ganz sécher fir de Vaubanswee och net ausbleiwen.

Ech kommen dann zu de Problemer, déi opgeworf gi si wat d'Gestioun vum Musée ugeet an ech hunn do e bëssen e Problem, Här President. Ech hunn de Parlamentsminister gefrot, ob dat dann esou wier, datt een ewell bei all Projet misst eng Fiche financière hannerleeën. An den Här Biltgen huet mer gesot, hien hätt awer do nach ni esou eppes gefrot kritt.

***(Interruptions diverses)***

Mä de Problem, dat ass jo net deen datt mer net déi Fiche financière do hätte kënnen éischter ginn. Mir hu se jo och gi leschten Enns. Mä ech muss ëmmer nëmme feststellen, datt et mer schéngt wéi datt bei der Kultur méi streng Regelen applizéiert géife gi wéi bei aneren.

***(Interruptions diverses)***

Ech kucken dat no, well beim CITA hu mer nach guer net iwwert d'Gestioun décidéiert an der Regierung. Do kann ech se beim beschte Wëllen net ginn, well do hu mer nach net driwwer décidéiert. Also mir hunn an deem heite Gesetz vun Ufank u jo gewosst, dat war schonn 1997, datt dat ënnert der Federführung vun dem Service des sites et monuments gemaach géif ginn. Datt dat do begleet ginn ass, datt dat do och géréiert géif ginn, dat war natierlech kloer. Mir hunn dat an enger Diskussioun der Chamberkommissioun e bëssen op eng net grad ganz glécklech Aart a Weis mat enger Gestioun iwwer A.s.b.l.en do vermëscht gehat, well et aner Beispiller vu Gestioun vu Schlässer iwwer A.s.b.l.e gëtt.

Mä ech mengen, wa mer och elo eng Fiche financière hannerluecht hunn, wou de Budgetsminister geschriwwen huet, hie wier d'accord, esouwäit wéi all déi dote Moossname géife vun der Regierung approuvéiert ginn. Wat heescht dat dann? Mir hu gesot, mir stellen hei zwee Universitairen a fënnef Portieren an, an esou weider an esou virun. Jiddfereen dee weess wéi den Numerus clausus gehandhaabt gëtt, dee weess datt mir net dat nächst Joer déi fënnef Portiere kréien an och net déi zwee Universitairen. Datt mer do wäerte schéi mussen iwwert den Numerus clausus fueren, esou datt eng Fiche financière och an deem Sënn nëmme relativ ass, esou datt d'Chamber de toute façon iwwert de Statsbudget an iwwert den Numerus clausus, dee se all Joer do virgeluecht kritt, d'Iwwersiicht huet an datt domadder déi Froe wat d'Gestioun ugeet jo dierfte kloer sinn. Et kann een ëmmer alles viraus gesinn. Ech si leider net bei deenen déi Hellseher sinn. Ech maache mäi Bescht fir au jour le jour déi Saachen ze géréieren, déi mer hunn. Mir hu mat wéinege Leit villes ze géréieren an ech wëll och hei ausdrécklech de Leit aus dem Kulturministère merci soen, déi ganz sécher net ëmmer wësse wou se fir d'éischt sollen ufänken.

Dat gesot, Här President, soen ech selbstverständlech jiddferengem merci, deen dësem Projet seng Zoustëmmung gëtt. Ech sinn der Meenung dass et e Projet ass, dee fir d'Zukunft vu Lëtzebuerg wichteg ass, deen eis an der Kultur e ganzt Stéck méi wäit bréngt an deen déi historesch Vergaangenheet vu Lëtzebuerg verbënnt mat enger neier kultureller Zukunft, déi net méi militäresch ass.

Merci.



M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4949 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen dann elo iwwert dat virleiend Gesetz of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 54 Jo-Stëmmen a 6 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Fred Sunnen), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Jean Asselborn), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: M. Ben Fayot;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zu der Motioun.

***Motion***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, kann ech dozou eppes soen?

M. le Président.- Jo.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Wann der erlaabt, Här President. Mir stëmmen déi Motioun hei, et ass ganz evident, well si ass net superfétatoire. Hei gëtt sech beruff op d'Gesetz an et soll einfach d'Gesetz agehale ginn, a wann et net agehale gëtt, mengen ech, da solle mer der Regierung dat soen. Et ass ganz einfach den Extrait aus dem Gesetz wat ech hei viru mer hunn an ech muss soen, et handelt sech, Madame Minister, net ëm eng Proposition de loi. Bei der Cour des Comptes war et eng Proposition de loi. Hei war e Projet de loi aus enger Regierung, wou Dir och selwer present waart, an esou ginn ech dovun aus, dass all Minister dat do muss wëssen. Dir sidd allerdéngs net déi Eeenzeg, déi heiansdo dat do vergësst, an et ass och net iwwerflësseg. Mir ginn hei konfrontéiert mat Voten, wou Gebaier gestëmmt ginn. Et geet jo net drëm eleng en Invest ze bezuele vun engem Gebai, sondern et heescht och duerno de Fonctionnement ze assuréieren. An déi Fiche financière soll näischt anescht maache wéi ebe just dokumentéieren, wat sinn d'Käschten déi dat Gebai oder deen Invest do fir déi nächst Joren op de Budget bréngt.

An ech mengen, et ass eng legitim Fuerderung vun der Chamber, datt net nëmmen d'Gesetz agehale gëtt, mä datt och beim Vote vun esou engem Gebai dat dote virläit, och wann et heiansdo vläicht méi schwéier ass et opzestellen. Da soll een et trotzdeem maachen.

Ech muss och soen, dat Gesetz, wat mer elo just gestëmmt hunn, war jo och fir deen zoustännege Mann am Ministère eng schrecklech Corvée. Dee war jorelaang gewinnt sech net un déi Prozedur hei ze halen. Du koum dat Kontabilitéitsgesetz an elo zum Schluss vu senger Carrière muss hie sech op eemol u Prozeduren halen. Ech hunn et begréisst, dass en dat gemaach huet, nodeem dass en nach eng Kéier en Exkurs probéiert hat, mä och hien huet dann elo zum Schluss vu senger Carrière, wou e vill Mériter huet, et dann och fäerdegbruecht sech total un d'Prozeduren ze halen. An da solle mer et och hei, wat de Minister ubelaangt, maachen.

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot an dann den Här Weiler.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech wëll nach drop hiweisen, dat hu mer an der Motioun net nach eng Kéier widderholl. Mir hätten dat och kënne maachen, datt de Budgetsrapporteur an den 90er Joren, den Här Frieden, deen haut Budgetsminister ass, relativ vill heiriwwer geschriwwen hat, an effektiv, dat war am Virfeld vun der Verofschiedung vum Kontabilitéitsgesetz, sech an déi do Richtung ëmmer ganz staark gemaach huet, datt dat heite misst passéieren, an ech mengen och, dat ass ee weidert Argument, datt déi Motioun hei absolut berechtegt ass, datt mer déi solle stëmmen, fir datt an Zukunft ee fir allemol jidderee sech dorunner hält.

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler an dann den Här Rippinger.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, meng Fraktioun huet och kee Problem mat där Motioun hei, och wa mer se nach op een oder zwee Punkte géifen ëmänneren. En fait gëtt jo hei nëmmen dat gefrot wat am Gesetz dra steet an et soll een och net maache wéi wann elo d'Regierung hei systematesch keng Fiches financières géif bei de Projete virleeën. Duerch d'Bank sinn déi Fiches financières do. Si sinn och bei dësem Projet do.

***(Interruptions)***

Et ass richteg, datt net all Fiche financière esou einfach opzestellen ass. Bei deem enge Projet si keng Problemer do. Do weess een am Virfeld wat eppes kascht. Bei deem heiten huet d'Madame Hennicot eis elo just gesot, dass mer hei kënnen eng Fiche financière kréien, dass déi awer nach nëmmen an der Theorie wär an an der Praxis wäert eng ganz aner sinn.

An et sinn och Ministeren, déi ëmmer gesot hunn, mir stellen eng Fiche financière op. Herno geet et doriwwer eraus an da gi mer direkt bei den Här Krecké an d'Kommissioun vum Contrôle budgétaire zitéiert, fir dann ze soen, wéisou datt dann elo de Käschtepunkt iwwert déi Fiche financière erausgeet.

Dofir sinn ech frou, datt den Här Garcia hei an déi Motiounen eppes dra gesat huet, datt dat Ganzt soll indikativ sinn. D'Chamber soll wëssen, wa mer e Projet hei stëmmen, a wéi enger Gréissenuerdnung plus au moins déi Käschten évaluéiert ginn. Deementspriechend hu mer kee Problem.

Ech géif awer bieden, Här Garcia, dass Der géift uewen d'Motioun 4949 Vauban-Disney sträichen, an dee leschte Considérant ass a mengen Aen och superfétatoire. Dir hutt alles gesot andeems dass Der dat Gesetz zitéiert hutt, andeems dass Der d'Regierung biet déi Fiche financière virzeleeën.

Dir sot am allerleschte bout de phrase, datt déi Fiche financière dès le dépôt vum Projet de loi derbäi ass. Et ass selbstverständlech wënschenswäert, datt déi Fiche esou schnell wéi méiglech soll do sinn. Wann awer elo eng Kéier net direkt beim Dépôt, mä wa se dans la suite net muer, mä eréischt wa mer de Projet solle stëmmen, mä en temps utile déi Fiche déposéiert gëtt, da mengen ech, dass mir als Chamber och domadder kënnen d'accord sinn.

Une voix.- Virum Rapport?

M. le Président.- Jo.

Här Rippinger, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, et ass jo selbstverständlech, dass mer eis un d'Gesetz halen, mä…

***(Hilarité)***

… ech muss awer soen, dass ech keng Motioun stëmmen, wou uewen driwwer Vauban-Disney steet, dat muss ech éierlech soen. A wann déi gréng Fraktioun dat net zréckzitt, da stëmme mir d'Motioun net. Dat ass ganz einfach de Spunnes gemaach mat där ganzer Saach.

***(Interruption)***

An ech muss Iech weider soen, wann Der eis Gesetzer esou ophuelt an Der maacht esou Motiounen, mech interesséiert dat dann net. Wann Der dat net ewech huelt an och dee leschte Saz: «...à veiller que cette fiche financière soit à la disposition des députés dès le dépôt». Dat ass jo net méiglech beim Dépôt, well och bei den Diskussiounen an de Kommissioune kënne jo Ännerungen, Amendementer kommen.

Dofir géif ech Iech proposéieren, dat do ewech ze loossen, a Gesetzestext ze huelen, uewen Disney ewech an da stëmme mer Iech et.

Des voix.- Ah!

M. le Président.- Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, mir sinn d'accord mat deenen Ännerungen.

«Vauban-Disney» hu mer dra gesat, well mir wollten emol eng Kéier den Här Krieps vun der Demokratescher Partei am Cabaretsstil e bëssen iwwertreffen.

***(Hilarité)***

Et ass net esou einfach, dat ze maachen, mä ech mengen heimat ass et eis gelongen, wéi Är Reaktioune beweisen.

M. le Président.- Här Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, ech géif den Här Garcia biede bei deem leschte Bout de phrase ze soen, datt d'Fiches financières sollten esou déposéiert ginn, wéi den Här Krecké dat proposéiert huet: "… au plus tard avant l'adoption du rapport". D'accord?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Et ass gutt esou.

M. le Président.- Wéi ech d'Saach gesinn, kënne mer par main levée ofstëmmen.

***Motion 1 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que des projets de loi portant sur des investissements publics dans des infrastructures culturelles sont susceptibles d'entraîner, au-delà des frais d'investissement faisant partie du projet de loi, des frais d'entretien, de gestion et de fonctionnement ultérieurs qui risquent de grever le budget de l'Etat;*

*- consciente du fait que ces frais de gestion et de fonctionnement ultérieurs ne peuvent être chiffrés avec exactitude, mais que pour le moins les députées et députés devraient disposer des mêmes estimations que celles fournies au ministre du trésor et du budget;*

*- considérant que l'article 79.(1) de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'Etat préconise que*

*« lorsque des projets ou propositions de loi, des projets d'amendement d'initiative parlementaire ou ministérielle ainsi que des projets de règlement comportent des dispositions dont l'application est susceptible de grever le budget, ils sont obligatoirement accompagnés d'un exposé des recettes et des dépenses nouvelles ou des modifications de recettes et de dépenses à prévoir au budget. Cet exposé comprend une fiche financière renseignant sur l'impact budgétaire prévisible à court, moyen et long terme. La fiche financière doit comporter tous les renseignements permettant d'identifier la nature et la durée des dépenses proposées, leur impact sur les dépenses de fonctionnement et de personnel. »;*

*invite le Gouvernement*

*- à joindre à tout projet de loi susceptible de grever le budget de l'Etat une fiche financière renseignant sur l'impact budgétaire prévisible à court, moyen et long terme, suivant les dispositions de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'Etat, et à veiller que cette fiche financière soit à la disposition des députées et députés au plus tard avant l'adoption du rapport.*

***Vote***

Wie fir d'Motion 1 modifiée ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motion 1 modifiée ass eestëmmeg ugeholl.

Mer fuere weider mat eisem Ordre du jour a kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4857 iwwert d'Statskonte vum Joer 1999. Et si schonn agedroen: déi Häre Krieps, Mehlen a Bausch. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jeannot Krecké.

## 3. 4857 - Projet de loi portant règlement des comptes généraux de l'exercice 1999

***Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire***

M. Jeannot Krecké *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nom Exkurs an déi kulturell Landschaft ass wahrscheinlech d'Zuelematerial, wat hei virläit, manner interessant. Ech probéieren Iech net ze nerve mat Zuelen, mä op e puer Punkten einfach opmierksam ze maachen, déi ech als Rapporteur vun där Kommissioun wëllt un Iech brénge.

Dat éischt: Mir stëmmen elo d'Konte vun 1999 an dat wäert fir d'lescht si wou mer esou wäit hannendra sinn, well, wéi Dir wësst, hu mir 1999 jo en neit Kontabilitéitsgesetz eis ginn, wat eng ganz Rei Prozedure virgesäit an notamment och Datumen an Délaië wéini d'Regierung muss d'Konte virleeën, wéini d'Cour des Comptes muss hire Rapport virleeën, esou dass ee kann dovun ausgoen, dass dat hei an Zukunft wesentlech besser gëtt.

Ech muss soen, elo nach iwwert d'Konte vun 1999 am Detail ze schwätzen, ass bestëmmt keng ganz spannend Geschicht, d'autant plus mer scho Geleeënheet haten iwwert deen u sech ganz politeschen an doduerch méi spannenden Deel vun de Comptes bloqués, deen am Avis vun der Cour des Comptes stoung, am November 2001 ze schwätzen.

Mir sinn dorops hin an de Plenum komm an hunn deen u sech ganz controverséierte Punkt am Detail diskutéiert an eng Motioun verabschiet, an zwar unanimement, wourunner den Avis vum Conseil d'Etat, menger Meenung no, och näischt méi ännert, Conseil d'Etat dee scheinbar net ganz eiser Meenung war, mä mir si bei eiser Meenung bliwwen an ech gesinn net an, firwat dass mer elo sollen higoen an dat nach eng Kéier alles opwullen.

Mir hunn deemools festgestallt, dass dat net geschitt war, wat 1998 an enger Motioun vun der Chamber gefrot gi war, an hunn dorops hin d'Regierung opgefuerdert Explicatiounen ze ginn an dofir ze suergen, dass dat géing an d'Rei gemaach ginn. Dat ass an d'Rei gemaach ginn, esou wéi d'Chamber dat gär gehat hätt, an et ass Rapport vun der Cour des Comptes gemaach ginn den 29. Abrëll vum Joer 2002. Mir hunn Akt dovunner geholl an hunn d'Prozedur akzeptéiert, esou wéi d'Regierung se schlussendlech duerchgezunn huet. Dat zum méi politesch wichtegen Deel.

Zu deenen anere Punkten, mengen ech, huet et kee Wäert, dass ech lech an Erënnerung ruffen, dass mer hei an enger Period waren, wou mer d'Chance hate Plus-valuen ze hunn a mer doriwwer diskutéiere konnten. Mëttlerweil gesäit dat jo e bësse méi schlecht aus.

Hei hu mer u sech Recettë gehat am Ordinaire de l'ordre de grandeur vun 11% méi, 20 Milliarden eiser aler Frang. D'Opzielung eriwwregt sech. Den Detail dovu fannt Der an den Texter. En ass schonn diskutéiert gi wéi mer d'Affektatioun vun deene Plus-valuen iwwer e Gesetz gemaach hunn. Et bleift awer nach ëmmer e bëssen de Problem, wéi mer an de Prozeduren eisem Kontabilitéitsgesetz gerecht ginn, well u sech misst all Operatioun, an och d'Affektatioun vun de Plus-valuë vun engem Joer an deem Joer geschéien, oder an deem Délai comptable vun deem Joer, wat bei eis natierlech nach ëmmer net de Fall ass, vu dass d'Affektatioun vun de Plus-valuen hannert deen Délai fält, wou u sech d'Konte clôturéiert ginn. Fir dat propper ze maachen, waarde mer nach ëmmer drop, dass de Budgetsminister Reaktioun weist op déi Propositiounen, déi eenzel Leit an där doter Fro gemaach hunn, fir ze kucke wéi mer déi Prozedur vun den Affektatioune vun de Plus-valuë géinge conforme zum Gesetz fäerdeg bréngen, well hei maache mer et zou an iergendwann maache mer et erëm op, eppes wat am Gesetz an där Form net virgesinn ass. Och wann dat politesch net ganz spannend ass, ass et awer vläicht gutt, wa mer eis do kënnten eenegen, dass mer eng Prozedur hätten, déi conforme zum Gesetz vun 1999 wär, oder mer missten d'Gesetz op deem Punkt ëmänneren.

Dat gëllt och fir de Punkt 4 iwwert d'Agents de l'Etat, wou mer en Différent säit laangem hunn. Bis elo ass et esou, dass par avance bezuelt ginn ass, Salairen an Traitementer beim Stat. Do sinn awer eng ganz Rei Contestatioune gewiescht. Eng ganz Rei vun deenen Traitementer sinn a Fro gestallt ginn. Et huet sech heiansdo bei mettons 100.000 Frang ëm 2.000 Frang gehandelt, mä doduerch ass de gesamte Montant u sech net regulariséiert ginn, wat mat sech bruecht huet, dass den Ordre de grandeur vu 5 Milliarden aler Frang nach Traitementer a Salairë sinn. Wuel net alleguer elo an där Form. An et ass och net, dass déi elo net scho virgesi sinn am Budget, et ass just e Wee ze fanne fir dat ze regulariséieren.

Mir fuerderen och do d'Regierung als Kommissioun op dat ze maachen, besonnesch well de Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative eis de 5. November 2001 gesot huet, et wier elo Schluss mat där Praxis vun der Avance. Et war gesot ginn, den 1. Januar 2002 wier dat eriwwer. Mir stellen awer fest, opgrond vun enger ganzer Rei vun Informatiounen, dass dat net geschitt ass an dass mer och elo nach déi Situatioun hunn. Mir wëllen, dass d'Regierung, an doriwwer eraus hire Statssekretär, soll emol kucken, dass dat do endlech Wierklechkeet gëtt, dat heescht, dass mer net méi par avance fueren, fir dass mer déi Situatioun do net méi hunn, a mer eis dann eventuell mam Budgetsminister kënnten eens gi wéi mer dat solle regulariséieren. Mir musse jo déi Milliarden nach eng Kéier verschaffen, quitte dass mer wëssen, dass dat am Fong geholl nëmmen eng Opération comptable ass, déi eigentlech Operatioune si scho vollzunn, esou dass och dat kee schrecklech spannende Moment ass, mä effektiv awer muss et iergendwa regulariséiert ginn, fir dass mir an der Rei sinn.

D'Transfertë vun den Articles budgétaires si gemenger Hand bei eis an der Kommissioun an och all Kéiers bei der Cour des Comptes ugeprangert ginn, well nach wie vor nach ëmmer déi Remarques sommaires beim engem Transfert sinn. Dir wësst, ab 1. November kann ee vun engem Budgetsartikel am Ënnere vun enger Sektioun eriwwer an eng aner Suen transféréieren. Et stellt een och ëmmer erëm fest, dass heiansdo ganz Kreditter oder 90% vun engem Kredit eriwwerkommen an en aneren, dat heescht dass dee Kredit, dee mir hei gestëmmt hunn, iwwerhaapt net virgesi war, oder iwwerhaapt net gebraucht ginn ass, a schlussendlech fir aner Saache gebraucht ginn ass. Ech weess, dass e Budget net 100% esou duerchzeéien ass, mä et mierkt een, dass eenzelner vun de Ministeschkolleegen awer sech et do einfach maachen an net gewëllt sinn hir schlecht Gewunnechten op deem Punkt ze änneren.

Mir haten eis virgeholl, Här Minister, bei de Budgetsdebatten fir d'Joer 2004, dat heescht am Dezember, nach eng Kéier drop zréckzekommen, well mer net wëllen, dass déi Situatioun esou weider geet. Mir wieren also frou, wann Der Äre Kolleegen diesbezüglech eis Meenung géingt dès à présent matdeelen, dass mer op alle Fall bei de Budgetsdebatten wëllen drop zréckkommen.

En anere Punkt ass dee vun de Comptables extraordinaires. Dir wësst et sinn eng ganz Rei Leit, déi u sech iwwer Budgetë verfügen. Dat ass haaptsächlech de Fall um Niveau vun den Affaires étrangères. Et ass offensichtlech, dass e Gesandten, e Botschafter e Budget huet an dass en natierlech muss en temps utile Konte virleeën. Dat ass an deene leschte Jore katastrophal verlaf. Dat heescht, mat grousse Retarden. Eenzel Leit hu sech wierklech laang geziert fir esou eppes ofzeginn. Wann ech soe laang, dann huet et sech net ëm Méint, mä ëm Jore gehandelt. Dat ass an eisen Aen inakzeptabel. Eng Chamber kann dat net zouloossen. Et ass eis gesot ginn, dass dat och materiell heiansdo net ze bewältege wier. Ech sinn der Meenung, dass et materiell an Zäite vu Fax scho méiglech gewiescht wier.

Mir hunn am Kader vun de Budgetsdebatten, zumindest um Niveau vun der Finanzkommissioun, kënne feststellen, dass beim Budget fir dëst Joer e ganze Koup Sue virgesi si fir dat Ganzt ze informatiséieren an domat och méi schnell ze maachen. Hoffe mer, dass déi eenzel Leit, déi manifestement do à la traîne waren, a wou ech iwwerzeegt sinn, dass et net nëmmen eng Fro vun Informatik war, mä och eng Fro vu guddem Wëllen a vun Ëmsetzung vun deem, wat d'Chamber gär hätt, dass déi Leit sech da conforméieren un d'Gesetzer, well soss musse mer leider nach eng Kéier dorop zréckkommen. Fir de Moment hu mer de gudde Wëlle vun deene Leit net a Fro gestallt, mä mir wäerte se jugéieren à l'acte.

Mir wäerte se jugéieren à l'acte.

E Wuert zu de Marchés publics. D'Marchés-publics-Gesetz gëtt elo reforméiert. Ech weess zwar net, ob dat, wat mer do reforméieren, eppes Wesentleches un der Praxis ännert, enger Praxis déi säit Jorzéngte grasséiert a wou Circulairë vun '89 ënnersträiche wéi déi Marchés publics misste vollzu ginn, haaptsächlech da wa Marchés de gré à gré ex post geschéien. Et stellt ee fest am Joer '99, an ech hunn d'Impressioun, datt dat och elo nach net vill besser ginn ass, dass ëmmer erëm d'Kolleege sech net drun halen an ex post Marchéë régulariséiere wëllen.

Mir haten ee Beispill geholl, dat vun der Assistance technique um Niveau vun de Ponts et Chaussées, fir ze weisen an och nach eng Kéier ze ënnersträichen an där Administratioun och matzedeelen, dass d'Chamber domat net kënnt d'accord sinn, well e Gesetz virgesäit, dass et net iwwer dräi Exercicen eraus kënnen Accorde gi wat d'Assistance technique ubelaangt. Dat huet dann och net ze passéieren!

Doriwwer eraus, Här Minister, stellt ee fest, dass et eng dréchen Opzielung vun Zuelen ass, einfach wat d'Plus-valuen ubelaangt. D'Chamber huet Iech '96 eng Kéier opgefuerdert beim Budgetsrapport, deen ech nach selwer gemaach hunn, Dir wësst, d'Geschicht hëlt een heiansdo an, och Iech huet se ageholl elo grad nach beim Gesetz wat mer évoquéiert hunn iwwert d'Loi de la comptabilité, wou d'Fiche financière an Ärem Budgetsrapport a bei Ärem Bericht ëmmer e grousst Uleies war, esou ass et och hei bei mir gewiescht.

Déi Analyse économique ass awer nu wierklech dürfteg, fir net ze soen net do. Ech si mer bewosst, datt et sënnlos ass 50 Säiten ze schwäerzen iwwert déi Problematik. Et wier awer net schlecht, wann een trotzdeem drop hiweist, wou eenzel Plus-valuen hir Explicatioun fannen. De Statec huet eis fir 1999 4,2% PIB virausgesot, d'Kommissioun 4,7% an da kommen der 9,9% eraus, do geet et jo dann awer net duer, egal bäi wellecher Regierung, einfach hinzegoen an ze soen: Okay, dat ass nun eben anescht gelaf wéi mer geduecht hunn. Den Ënnerscheed ass einfach ze vill grouss. Et misst een awer e puer Wuert Explicatioun ginn an duerfir misst een awer eng gewëssen Analyse économique, och wa se succincte a kuerz ass, dobäi leien.

Dat gesot, Här President, wollt ech nach drop hiweisen, wou mer elo dru sinn. Mir sinn dann haut domat konfrontéiert d'99er Konten ze stëmmen. D'Konte vun 2000 sinn am Abrëll 2002 deponéiert ginn, wann ech mech gutt erënneren. D'Cour des Comptes huet den 19. November hire Rapport ofginn. Deen hu mer. Mir waarden nach ëmmer mat Schmäerzen a mat vill Freed op den Avis vum Conseil d'Etat, dee säit dem Abrëll, an elo ass et geschwënn e Joer hier, iwwert d'Konten nach näischt ofgeliwwert huet.

Mir wiere frou, wann d'Kolleege vum Conseil d'Etat eis géingen dobäi hëllefen, fir dass déi Diskussiounen, déi hei verlafen, net duerch déi grouss Vergaangenheet oder den Délai zumindest no hannen op eemol keng Aktualitéit méi duerstellen. Duerfir den Appel un d'Kolleege vum Conseil d'Etat dat ze maachen.

D'Konte vun 2001 sinn am Juni déposéiert ginn, während virgesinn ass, an de Minister weess dat, dat

den 31. Mee ze maachen. Ech hunn am Prinzip kee Problem domat. Ech soen et nach eng Kéier: Wann Dir oder Är Administratioun net à même sidd dat en temps utile virzeleeën a fir et dann ëm e Mount no hannen ze réckelen, dann hunn ech kee Problem domat. Dir wësst den 13. Juni waren déi Chifferen, déi mer kritt hunn, plus que sommaires. Dat ware véier Säiten. Ech mengen, wann een dat wierklech als seriö betruecht, da misst een en Document complet hunn. Mir sollten eis eens ginn doriwwer wéi deen Délai sollt sinn, mä toujours est-il, dass mer déi lescht Chifferen am Oktober/November nogeliwwert kruten.

D'Cour des Comptes ass doduerch natierlech och a Verzuch komm. Déi sollt am Prinzip den 30. September hiren Avis ofginn. Hire Rapport konnt awer net disponibel sinn, vu dass mer esou e Retard kritt haten. Mir schaffen also elo mat der Cour des Comptes op hirem Rapport, an zwar elo Enn Abrëll. Mir hoffen dann, dass am Joer 2002, wat déi Konten ubelaangt, de Minister eis vläicht seet wéi hie gedenkt mat den Délaie virzegoen.

Fir de Rescht, wéi gesot, kann ech der Chamber recommandéieren déi Konten hei ze approuvéieren, esou wéi d'Kommissioun se duerchgekuckt huet a wéi se vun der Regierung virgeluecht gi sinn.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Lucien Clement *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Konte vum Exercice '99 reflektéieren eng Zäit, déi net nëmmen, wéi den Här Krecké gesot huet, e puer Joer zréckläit, mä déi nach e bëssen anescht war wéi déi an där mer eis haut erëmfannen. 1999 gouf nämlech nach mam Frang bezuelt an et ass engem haut schonn e bësse komesch, 15 Méint nodeem den Euro agefouert ginn ass, datt mer eis nach mat engem Dokument mussen ofginn, wat a Frange verfaasst ass.

1999 hate mer och e Wirschaftswuesstum vu praktesch 10%.

***(Interruptions)***

Dat Joer drop waren et der nach néng. Déi Zäit hunn och nach verschidde Leit gemengt, d'Beem géingen awer an den Himmel wuessen, …

***(Interruption)***

…déi haut enges Bessere beléiert gi sinn a gesinn, datt et awer net grad esou ass.

***(Interruption)***

Et muss een dat e bësselche méi nuancéiert gesinn.

Zu den Zuele vun de Konte selwer ass a sech net vill méi ze soe wéi dat wat den Här Krecké a sengem mëndlechen, notamment awer och a sengem schréftleche Rapport festgehalen huet. Ech wëll him och fir déi excellent Aarbecht merci soen.

Une voix.- Ah!

M. Jeannot Krecké *(LSAP), rapporteur.*- Dir misst méi oft ee vun der Oppositioun Rapporteur maachen.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Dir schwätzt jo nach wéi wann Der net an der Oppositioun wäert.

***(Hilarité)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP), rapporteur.*- Beim Rapport vun 1999 wär et mir och schwéier gefall aneschters ze schwätzen.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Ech wéilt duerfir kuerz op méi inhaltlech Kapitelen, déi awer och schonn ugeschnidde gi sinn, vun dësem Rapport agoen, déi awer och den Avis vum Statsrot an de Rapport vun der Cour des Comptes markéiert hunn.

Am Fréijoer 1998 huet d'Spezialkommissioun iwwert d'Dysfonctionnementer am Gesondheetsministère hir Aarbechten ofgeschloss an d'Chamber huet an enger Resolutioun hir Exigenz formuléiert, dass all sougenannte Comptes bloqués opgeléist misste ginn. Gelder, déi nach op dëse Konte waren, sollten an deen nei geschafene Spidolsfong transféréiert ginn. 1999 hätt dat u sech misse geschéien. Et ass awer net geschitt an et ass och net 2000 geschitt. Eréischt Enn 2001 hu mer endlech erreecht, wéi den Här Krecké et scho gesot huet, iwwer eng neierlech Décisioun vun der Budgetskontrollkommissioun, dass dës Konten, déi de Gesondheetsministère awer nach ëmmer hat, effektiv och ofgeschaaft gi sinn. Dat war op den 1. Januar 2002.

Mir erënnere kuerz un d'Ëmstänn vun dësen Diskussiounen Enn 2001 während deenen de Gesondheetsminister gemengt huet, seng Interpretatioun vun engem bestëmmten Artikel aus dem Budgetsgesetz wier ganz einfach eng aner wéi déi vun der Majoritéit vun der Budgetskontrollkommissioun. Et gung ëm deen Artikel, deen Transferte vun de blockéierte Konten an de Spidolsfong erlaabt huet.

De Minister huet deen esou interpretéiert, datt hei just eng Facultéit geschaf gi wier, awer keng Obligatioun. D'Konten, déi hien a sech nach hat, hätten also senger Interpretatioun no net direkt missen opgeléist ginn. Déi majoritaire Meenung an der COMEXBU war awer, an ass och déi eenzeg, géif ech soen, méiglech richteg Liesart vun dësem Artikel, datt deen Artikel agefügt gouf fir déi noutwendeg a gefuerdert Opléisung vun de Konten technesch och méiglech ze maachen. Normalerweis kann e Fong just vun där Plaz aus Gelder kréien, déi an dem Gesetz, dat de Fong asetzt, virgesinn ass. Am Fall vum Spidolsfong ass dat ausschliesslech de Statsbudget gewiescht.

Fir also ze erlaben, datt Gelder, déi nach op de Fongkonte stungen, an de Fong fléisse konnten, huet missen eng gesetzlech Dispositioun geschaf ginn, déi eng zousätzlech Alimentatiounsquell vum Spidolsfong zouléisst. Hei gung et also ëm e rengen Droit budgétaire et comptable, mä d'Noutwendegkeet vun der Opléisung vun de blockéierte Konte war scho méi laang virgesinn an och etabléiert. Et huet awer wéi gesot bis 2002 gedauert bis mer dëse Problem geléist haten, mä haut ass et esou: Et existéiere keng affektéiert Konte méi, a kengem Ministère.

Ech wëll mech nach kuerz mat den Transferte vun de Budgetskreditter befaassen. D'Cour des Comptes huet an den 99er Konten ugemahnt, datt ze vill Transferte vu Kreditter am Budget stattfannen, an datt et eng ze héich Zuel vu Kreditter gëtt, déi systematesch ënnerschat an anerer zu 50, 70 oder souguer zu 100% einfach transféréiert ginn, well se ze héich ugesat gi sinn oder well se guer net gebraucht gi sinn. Ech menge kënnen ze soen, och als fréiere Budgetsrapporteur, dass dësen Zoustand sech awer am Laf vun de Jore verbessert huet an ech ginn och dovun aus, datt dat och weiderhin de Fall wäert sinn.

Fairerweis muss een awer och zougestoen, datt et bei verschiddene Kreditter immens schwiereg ass fir e ganzt Joer laang prezis virauszesoe wéi héich se si mussen a se prezis anzeschätzen. Duerfir gëtt et jo awer och d'Crédits non limitatifs als Instrument fir do eng gréisser Flexibilitéit an der Gestioun vun de Statsausgaben ze erlaben, wou een einfach net am Dezember vum Joer x genee aschätze ka wéi vill Geld op engem bestëmmte Poste bis zum Dezember am Joer x+1 gebraucht gëtt.

Mä de Rapport beinhalt d'Opfuerderung awer och am Kontext vun den Aarbechten am Statsbudget fir 2004, d'Problematik vun den Transferts de crédit an der Zuel an dem Volume vun de Crédits non-limitatifs ze behandelen. Ech halen dat am Prinzip fir eng gutt Iddi, speziell am Kader vum nächste Budgetsrapport, wou mer kënnte versichen eng parlamentaresch Appréciatioun vun dëser Thematik ze definéieren.

Här President, e weidere Problem, deen de Rapport opwerft, ass d'Regulariséierung vun de Marchés de gré à gré ex post, also nodeem se ofgeschloss an d'Gelder schonn engagéiert sinn. Ech deelen do d'Meenung, datt dës Method sécherlech net déi allerbescht ass. D'Marchés de gré à gré, déi verschidde Ministèren ofschléissen, brauchen u sech eng Genehmegung vun der Regierung, an dat am Viraus, mä och hei, wéi esou dacks an der Budgetsexécutioun, si Saachen heiansdo an der Praxis net grad esou ze bewerkstellegen, wéi ee se an der Theorie virgëtt.

Et muss een och heiansdo ganz séier an och ganz flexibel reagéiere kënnen. 7,93% vun de Marchés de gré à gré hunn eng Approbatioun ex post gehat. Bleift awer festzehalen, well dëse Problem an deene leschte Joren an alle Rapporten iwwert d'Konten opgetaucht ass, datt vu '97 bis '99 d'Zuel vun de Marchés de gré à gré trotz allem awer ëm 7,4% zréckgaangen ass. De gudde Wëlle géing ech soen an d'Intentioun vun der Regierung loosse sech hei sécherlech erkennen. Bleift awer festzehalen, datt nach ëmmer 56,75% vun alle Marchéën iwwert dës Aart a Weis ofgewéckelt ginn. Wou dës Aart a Weis awer éischter sollt d'Ausnahm vun der Regel sinn, ass se hei praktesch zur Regel gemaach ginn.

Alle Jahre wieder, kann een och soen, ass de Problem, dee mer hu mat de Konte vun de Comptables extraordinaires, déi net am Délai hir Dekonten erareechen oder déi se dacks guer net erareechen. Datt et e Problem hei gëtt, dat hu mer an der Kommissioun erklärt kritt. Mir hunn och dee Problem zur Kenntnis geholl. Et sinn zum Deel heiansdo och juristesch Problemer do, firwat déi Dekonten do net kënnen ofgeschloss ginn, wéi zum Beispill, wann an engem frieme Land Sécurité sociale Problemer bestinn, an et kritt een déi do net geregelt, kann den Dekont net gemaach ginn. Dat versti mer och, mä et bleift awer ze hoffen, datt mat deenen neie Kommunikatiounsmëttelen den Hin an Hier vun de Piècë méi séier kann ofgewéckelt ginn, datt och d'Signature électronique hei vläicht agesat ka ginn. Dofir denken ech awer, datt mer an deenen nächste Jore manner Problemer heimadder wäerten hunn an déi Dekonte rechtzäiteg oder wéinegstens era kënne kréien, wann deen administrativen Opwand net méi grad esou grouss ass, datt ëmmer déi original Pièce muss heihi geschéckt an ofgestempelt ginn an erëm zréckgeschéckt ginn, jee wéi dat dann ass.

Ofschléissend wëll ech awer nach e puer Wuert zur ekonomescher Analys vun de Konte soen. De Jeannot Krecké ass och schonn dorop agaangen. Ech géif soen de Projet de loi, deen d'Regierung zu de Konte vun all Joer deponéiert, begräift allerdéngs trotz laangjähregen entspriechenden Ureegungen, och vum Statsrot a vun der Chamber, nach ëmmer keng ekonomesch Analys, eng Analys déi, wa mer se hätten, allerdéngs séier wichteg wär an déi och géing d'Aarbechte vun der Kommissioun méi einfach maachen. Et wär och méi Transparenz an deene ganzen Dokumenter dran, wann een de Firwat an de Woufir e bësselche méi prezis do explizéiert krit.

Dat gesot, Här President, wäert ech awer sécherlech kee Geheimnis verroden, datt d'CSV dës Konte stëmme wäert.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Den Här Krieps huet d'Wuert.

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wousst de Moien net, datt den Här Garcia esou epidermesch Reaktiounen hätt, wéi ech him den Exercice virgemaach hunn, deen hien der DP während dräi Joer hei am Haus virgemaach huet, dat heescht virgelies, dat wat mir fréier gesot hunn.

***(Interruption)***

Neen, ech wëll Iech just nëmme soen, do war keng béis Ënnerstellung vu mir, mä en ass an d'Luucht gesprongen an dat geet och duer, da weess en dat an Zukunft, datt Der all Kéiers dat virgelies kritt, wat der fréier gesot hutt.

***(Interruption)***

Ech net. Erlaabt mir elo fir d'éischt zu dësem Gesetzesprojet dem Rapporteur an dem President vun der Budgetskontrollkommissioun, dem Här Krecké, merci ze soe fir säi schréftlechen a mëndleche Bericht. D'demokratesch Fraktioun war '98, wéi den '99er Statsbudget ausgeschafft ginn ass, an der politescher Oppositioun. Dowéinst war si net bei der Ausschaffung vun deem Projet associéiert. Genau wéi bei deene Konte vun deene véier Joer virdrun, déi schonn elo an dëser Legislatur duerch déi hei Chamber gaange sinn.

Mä am contraire zu de Jore virun '99, ware mir '99 fënnef Méint an der Regierung bei der Exécutioun vun dem 99er Budget bedeelegt, firwat mir och dat heite Gesetz mat droe wäerten. Ech ginn net an den Detail vun deene Konten an. Meng Virriedner hunn dat ganz gutt gemaach an och de Rapporteur.

Déi grouss Fro war jo deemools d'Fortbestoe vun de Comptes bloqués, haaptsächlech am Gesondheetsministère, awer net nëmmen do. Trotz der Resolutioun vun der Chamber am Abrëll '98, den 99er Budget, deen am Dezember '98 vun der deemoleger Majoritéit fest gestëmmt gi war, huet schonn deemools am November '98 de Statsrot drop higewisen, datt am Artikel 48 vum Budgetsprojet de Gesondheetsministère anescht géif behandelt gi wéi am Artikel 50 de Famillejeministère. Ech ginn net an déi do Appréciatioun an, dat ass laang kloer gemaach ginn.

Am Joer 2001, wéi meng Virriedner gesot hunn, huet d'Cour des Comptes op dës Mëssstänn higewisen. Et war hir éischter net méiglech, well se eréischt den 1. Januar 2000 a Kraaft getrueden ass, an déi Situatioun ass duerno an deene beschtméiglechen Délaië regulariséiert ginn.

De Conseil d'Etat, den Här Krecké huet et schonn ervirgehuewen an deem Avis zu dësem Gesetz, huet déi ënnerschiddlech Meenung nach eng Kéier verdeelt, déi divergéiert vun där vun der Cour des Comptes a vun der Kontrollkommissioun. D'demokratesch Fraktioun huet de Rapport vum Här Krecké an der Kontrollkommissioun ugeholl an ass och frou, datt déi Situatioun vun deene Comptes bloqués regulariséiert ginn ass. Mir hunn ons effektiv och deemools d'Fro gestallt, firwat déi vergaange Regierung tëschent dem Abrëll '98 an dem August '99 esou gezéckt huet fir dës Comptes bloqués opzeléisen. Mä dat gesot, an aus all deenen Explicatiounen eraus, bréngt d'demokratesch Fraktioun hir Zoustëmmung zu dëser Gesetzesvirlag.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun iwwer Konten ass eng Diskussioun, déi kee vun de Still rappt. Et kann ee soen, et ass moutarde après dîner. Ech géif trotzdeem mengen, et wär e wichtegen Exercice, och wann et vläicht politesch keen interessanten Exercice ass.

Et ass drop higewise ginn, datt '99 nach en anere Wand hei am Land geblosen huet, an dat gesäit een och, datt d'Recetten ëm 11,5% d'Budgetsschätzungen iwwerstiegen hunn, d'Dépensen ëm 9%, woubäi een awer muss hiweisen, datt 14,5 Milliarde Frang deemools an d'Fonge gaange sinn. Et ass also e gutt Joer gewiescht a ganz besonnesch, an dat geet jo och aus dem Rapport ervir, ass et dorop zréckzeféieren, datt mer deemools nach eng Croissance vum PIB hate vu bal 10%. Ech mengen, Här Minister, dat Joer kënnte mer eis arummen an et iergendwou hinhänken, well dat do wäerte mer esoubal net méi erliewen.

Den Här Rapporteur huet schonn op eng ganz Partie Punkten higewisen. Ech wëll dofir net op alles agoen, awer e puer Punkten erausgräifen, déi mer um Häerz leien. Dat éischt ass déi Fro vun den Transferten. Bei allem Respekt, datt dat néideg ass, fannen ech, mir kréien dat jo och ëmmer communiquéiert, datt et awer wierklech noutwendeg wär, a mir hu schonn dorop higewisen, datt déi Motivatioun an d'Erklärung, ëm wat et geet a woufir datt geschitt, soll direkt richteg matgeliwwert ginn. Et huet absolut keen Zweck, datt mer déi Informatioune kréien, an da misst een eigentlech de Budget erbäihuelen an den Artikel nosichen, fir erauszefannen ëm wat et sech dann handelt a wat dann do am Spill ass. Wann d'Regierung deen Exercice scho mécht, da soll se direkt d'Explicatioune matliwweren. Da géing se eis d'Aarbecht, fir dat ze appréciéieren, e bësselche méi liicht maachen.

Dat zweet ass de Punkt, deen onendleche Punkt vun deene Gehälter, déi zwar ausbezuelt sinn, awer net regulariséiert sinn, well iwwert d'Héicht vun deene Gehälter Onkloerheet oder e Litige besteet, well d'Statsadministratioun anerer Meenung ass wéi d'Kontrollinstanz. Dat war virdrun d'Chambre des Comptes. Dat geet jo, wann ech mech gutt erënneren, op 1988 zréck. Deemools ass eis ëmmer gesot ginn d'Regierung, a si wär déi eenzeg, déi de Moyen hätt fir de Litige bei d'Juridication administrative, deemools bei de Conseil d'Etat ze droen, hätt dat einfach net gemaach an d'Affär schleefe gelooss.

Insofern muss een all Regierungen zënter 1988 e schwéiere Reproche an där Bezéiung maachen, well déi zwou Säiten hätte jo all Intérêt gehat fir déi Froen esou séier wéi méiglech definitiv ze klären an dann ze regulariséieren. D'Konklusioun, déi sech doraus ergëtt, ass déi, datt mir zwar all Kéiers konnten hei stëmmen, mä datt déi Konten net richteg sinn, datt d'Trésorerie net en concordance ass mat deem wat eigentlech an de Konten ausgewise gëtt. Am Laf vun der Zäit, den Här Krecké huet dat scho gesot, beleeft dee Chiffer sech iwwer 5 Milliarde Lëtzebuerger Frang. Bien entendu net de Montant, deen en jeu ass, mä dee vun deene Gehälter insgesamt, déi net régulariséiert sinn. Dat ass eng Situatioun, ech hu scho viru Joren hei gesot, wann iergendee Gesangveräin oder e Pompjeesveräin dobausse seng Keess esou géing féieren, da géing et wahrscheinlech an der Generalversammlung décke Buttek ginn.

Mir schlécken dat regelméisseg. Et ass nach ëmmer net regulariséiert,

et weess och leschten Enns - mir hunn d'lescht an der Kommissioun driwwer geschwat - keen esou richteg wéi een dat dann technesch soll ofwéckelen. Nach eng Kéier: Meng Konklusioun ass, dass och dës Kéier déi Konten, déi mer hei stëmmen, eigentlech net der Realitéit entspriechen, well och där Fäll nach eng Partie dra sinn.

Mir liesen am Rapport vun der Cour des Comptes, datt 1999 eleng eng Progressioun vun 32% zu 1998 an deene Fäll festzestellen ass. Dat ass och eppes wat een eigentlech net begräife kann. Här Minister, mir hoffen awer instänneg, datt esou séier wéi méiglech do eng réckwierkend Klärung erfollegt, wéi se dann och ëmmer bewerkstellegt gëtt, an datt Prozedure fonnt ginn, datt déi Fäll, déi ëmstridde sinn, aus wat fir enge Grënn och ëmmer, do schéngen d'Gesetzer net ëmmer kloer ze sinn. Ech mengen déi Ursaach muss een och emol eng Kéier évoquéieren, datt awer, wann esou Fäll sech presentéieren, se esou séier wéi méiglech definitiv gekläert a bezuelt ginn. Well et stellt sech jo och d'Fro hannendrun, wann do jorelaang Gehälter bezuelt si ginn, wou sech am nachhinein erausstellt datt se ze héich waren, wat dann do geschitt. Ech geséich emol gären dee Minister, deen dann higeet an dat, wat do ze vill bezuelt ginn ass, erëm zréck verlaange geet. Ech weess och net wéi d'Geriichtsbarkeet iwwer esou eng Démarche géing jugéieren.

Den nächste Punkt ass dee vun de Marchés publics, wou eng Partie ganz béis Kriticke vu Säite vun der Cour des Comptes, virdrun och schonn der Chambre des Comptes, ëmmer erëm ugemierkt si ginn. Wa mer an de Rapport vun der Cour des Comptes kucke ginn, ech zitéiere ganz kuerz, den Artikel 3 vum Reglement vum 2. Januar '89, dee seet: „La soumission publique est la règle". Dat liicht engem jo och an, et géing ee jo mengen an engem öffentleche System misst dat esou sinn, et steet jo och dann esou am Règlement grand-ducal. Da soe se: „L'adjudication restreinte et le marché de gré à gré constituent tous les deux des modes de conclusion exceptionnels, dont l'utilisation demeure limitée à une série de cas limitativement énumérés par la loi". Et muss een dat och esou liese wéi et do steet. Dat soll wierklech nëmmen d'Exceptioun sinn an et muss och an deene Formen oflafe wéi d'Gesetz et virgesäit.

Wa mer dann e bësse méi wäit hannendru kucken, an et liest een d'Appréciatioun vun der Cour des Comptes an deene Fäll, do seet d'Cour des Comptes d'autre part: „La Cour des Comptes tient à rappeler que les hypothèses où il pourrait être procédé par un marché de gré à gré, doit faire l'objet d'une interprétation stricte. La charge de la preuve que des circonstances exceptionnelles existent effectivement au pouvoir adjudicateur. Si dans certains cas la conclusion d'un marché de gré à gré s'est justifiée au regard des exceptions prévues à l'article 36.2, tel n'a par contre pas été le cas pour d'autres. En effet", an ech fannen dat ganz schlëmm, „un examen systématique des motifs invoqués pour l'application de la procédure d'exception fait ressortir qu'ils manquent de précision et sont le plus souvent peu convaincants. Dès lors un grand nombre de marchés aurait du être attribué suite à une mise en concurrence préalable".

Op gutt Lëtzebuergesch gesot, do sinn eng ganz Partie Marchés de gré à gré ofgeschloss ginn, déi laut den Terme vum Gesetz a vum Reglement net hätten däerfen ofgeschloss ginn. A wann een da kuckt wat fir eng Marchéën datt dat sinn, do sinn d'Ministèrë jo alleguer schéin der Rei no opgezielt. Et ass evident datt d'Travaux publics natierlech de Löwenundeel vun deene Marchéën hunn, da gesäit een datt d'Travaux publics am ganze 627 Marchéën ofgeschloss hunn 1999, dovunner sinn der 276, dat si ronn 44%, de gré à gré an e ganz klengen Deel, zéng Stéck, Soumission restreinte. Wann een dat dann opdeelt op d'Ponts et Chaussées, déi hu vun 233 der 88 de gré à gré gemaach, dat sinn 38%, an d' Bâtiments publics vun 394 der 188, dat si bal 50%, ronn 48% de gré à gré. A wann een dat dann erëm an de Verglach setzt mat deem wat d'Gesetz seet, datt et wierklech nëmmen d'Exceptioun däerf sinn an datt d'Adjudication publique misst d'Regel sinn, da muss ech soen, Här Minister, bei allem Verständnis a bei all deem wat eis ëmmer erëm als Ursaachen opgefouert gëtt, woufir datt dat esou wär, versteet een awer net, entweder mer änneren d'Gesetz, do ass jo munches amgaang, et géing mer awer Leed doe wann déi Regel, datt d'Adjudication publique sollt d'Normalitéit duerstellen, géing ofgeännert ginn, well et an der Praxis eben anescht leeft.

Ech mengen, et soll een awer kucken, an hei schwätze mer iwwer '99, datt awer dat wat d'Gesetzer virschreiwe respektéiert gëtt. An da kënnt dat, wat jo nach vill méi schlëmm ass, dat sinn d'Marchés de gré à gré ex post.

Fir all déi Leit, déi net wësse wat dat heescht, dat sinn déi Händelcher oder déi Aarbechten, déi gemaach ginn a wou dann, wa se fäerdeg sinn, driwwer verhandelt gëtt wat et da soll kaschten.

***(Interruption)***

Ah, den Här Strotz kënnt jo hannendrun, deen erkläert lech et anescht. D'Marchés de gré à gré gi jo net öffentlech ausgeschriwwen. Dofir heescht dat jo esou. Dat heescht, et gëtt verhandelt an ex post, ech hunn zwar kee Latäin gemaach, mä ech mengen awer, ech hätt esou vill matkritt, datt et awer am nachhinein op Däitsch iwwersat heescht, et kann een et dann ausdäitsche wéi ee wëllt, mä et ass jiddefalls esou wéi et gemaach gëtt net an der Rei.

D'Cour des Comptes, an déi ass jo iwwer all Zweifel erhaben, déi ass jo onpolitesch, rappeléiert hei: „Dans ses rapports antérieurs, la Chambre des Comptes a désapprouvé la pratique très préhensible de la régularisation ex post de certains marchés de gré à gré. Une délibération motivée du Conseil de Gouvernement devant constater l'impossibilité de recourir à une adjudication publique a fait défaut", déi Prozedur ass schonn net respektéiert ginn, „une régularisation ex post n'est intervenue dans ces marchés que pour la forme".

Och dat si Saachen, déi kann een net schaarf genuch uprangeren. Här President, wann een dat alles liest a wann ee gesäit wéi eng ganz Partie Saachen oflafen, da muss ech soen datt een d'Impressioun huet, datt mir an deene leschte Joren hei zu Lëtzebuerg zwar onheemlech vill investéiert hunn, datt vill geschafft ginn ass, mä datt eis Administratiounen, déi concernéiert sinn, net capabel sinn, dat heescht regelrecht iwwerfuerdert sinn, méiglecherweis aus personelle Grënn, fir dat alles esou ofzewéckele wéi et eigentlech misst ofgewéckelt ginn.

Ech konnt mech därs Gefill nu guer net erwieren, wéi ech den Dossier vum Pei-Musée emol e bësse méi am Detail studéiert a suivéiert hunn. Dofir menge mir, et wär gutt wann d'Cour des Comptes déi néideg Mëttele krit, fir net nëmmen eng Kontroll vun den Ofleef ze maachen, mä datt se och eng Kontroll en profondeur op de Chantierë kënnt maachen.

Dann e weidere Punkt. Dat ass dee vun den Décomptes finaux vun de groussen Objeten, déi realiséiert ginn, an zwar seet d'Budgetsgesetz, datt dat all Objetë betrëfft déi méi wéi 124 Millioune Frang kaschten. Do fanne mer och am Rapport vun der Cour des Comptes e groussen Tableau wou déi Objeten alleguer opgezielt sinn, déi nach ëmmer net definitiv ofgerechent sinn. Och do muss ee soen, wann dat vläicht e schwieregen Exercice ass, mer kréien dat ëmmer erzielt vun der Bauteministesch, da soll een entweder d'Gesetzer esou maache wéi et machbar ass oder et soll een d'Verwaltung an d'Lag setzen, fir d'Gesetzer ze respektéieren. Mir mengen dat zweet wär déi richteg Démarche. Et steet nach eng Onmass Dekonten op, och wa mer elo amgaang sinn dat lues a lues ofzewéckelen.

Ech muss soen aus menger praktescher Erfahrung als Member vun der Kontrollkommissioun, deen och selwer e puer esou Dossiere mat gekuckt huet, huet een awer wierklech d'Impressioun, datt dat och nach esou en Exercice pour la pure forme ass. Do sti Saachen dran, déi een einfach net méi im Nachhinein verifizéiert kritt, wou ee muss d'Kräiz dann driwwer maachen a soe mäi Gott et ass eriwwer. Et ass well 10, 15 oder 20 Joer hier, wat solle mer dann elo nach siche goen, da seene mer et alt of an dann ass et fäerdeg. Dat fannen ech net gutt. Déi Dekonten, déi mussen direkt kommen, an ech mengen, mir waren eis esouguer deelweis eens datt sollten, wa Saache sech ze laang hinzéien, Zwëschendekonte kommen, datt ee wierklech um Ball bleift an datt een och kann am Detail novollzéie wat geschitt ass. Och hei stelle mer fest, datt et gutt wär wann d'Cour des Comptes outilléiert wär fir déi Kontrolle vläicht e bësse méi en profondeur ze maachen.

Här President, ech kommen zum Schluss. Meng Konklusioun ass déi, datt éischtens d'Konten an de Chifferen net korrekt kënne si wéint deem Problem, deen ech virdrun ugesprach hunn, nämlech deem vun de Gehälter. An dat zweet ass, ech widderhuelen et nach eng Kéier, datt d'Cour des Comptes all Moyene muss kréien, ganz besonnesch bei Chantieren déi amgaang sinn exécutéiert ze ginn, fir déi kënnen am Detail ze kontrolléieren, well dat ass eis leider an där Prozedur wéi et elo leeft net méiglech.

Ech hu probéiert aus dem Gesetz iwwert d'Organisatioun vun der Cour des Comptes erauszeliese wéi wäit datt hier Fräiheete gi fir ze kontrolléieren. Et missten onbedéngt méi Efforte gemaach ginn a Richtung Kontroll vun deenen dräi EEEën, wéi an der Zäit ëmmer gesot ginn ass, an dat ass bei den Dépensen d'Economicitéit, d'Effikassitéit an d'Effizienz. Et geet jo net duer, datt mer kucken, ob alles korrekt ofgerechent ginn ass. Menger Meenung no wär et vill méi wichteg, wa mer vill méi am Detail géinge kucken, ob dann ëmmer déi ekonomeschst, effikasst an effizienst Léisunge gewielt si ginn, och wann ech weess, datt ee sech do op e schwieregen Terrain begëtt, wou net ëmmer d'Fro vun der Effikassitéit an der Effizienz ganz kloer vun där vun der Politik ze trennen ass. Ech hunn awer esou vill Konfienz an d'Cour des Comptes, datt se capabel wär, fir schonns ze gesi wou d'Grenze sinn, an datt se ganz sécher net do géif vum hire Pouvoir abuséieren.

Dat gesot, Här President, muss ech soen, mir kënne jo net méi vill un deem ännere wat geschitt ass. Un a fir sech passéiert och nach näischt, wann een hei géif den Accord refuséieren. Mir wëllen awer eise Protest vis-à-vis vun enger Partie Saachen zum Ausdrock bréngen, doduerch datt mer eis beim Vote vun dësem Gesetz enthalen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här François Bausch agedroen.



M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, et gëtt näischt méi Schreckleches heibanne wéi Widderhuelungen, a vu que datt de Jeannot Krecké als Rapporteur alles gesot huet wat ze soen ass zu dësem Projet, wëll ech näischt méi dozou bäifügen.

Dir verstitt awer, datt mer eis natierlech beim Vote vum Projet enthalen, net well mer de Rapport net gutt fannen oder dat wat am Rapport steet net gutt fannen, mä mir enthalen eis, well mer net d'accord ware mat dem Inhalt vun 1999, wat déi Zäit iwwert de Budget vun der leschter an och nach zum Deel vun dëser Regierung décidéiert ginn ass.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Konte vum Joer 1999 sinn effektiv d'Konte vun engem Joer, mä déi zwou Legislaturperiode beinhalten. Déi éischt Halschent vum Joer war et déi eng Regierung an déi zweet Halschent vum Joer war et déi aner Regierung. Vu datt ech awer an dem Joer 1999 souwuel an där enger wéi an där anerer Regierung Budgetsminister war, fält et mir méi liicht wéi verschidden anere Kolleegen heibannen doriwwer ze schwätzen.

Fir mech ass dëse Projet de loi den eendäitegen objektive Bewäis vun enger gudder Finanzgestioun, well mer op en Neits fäerdeg bruecht hunn, Konten ze presentéieren déi am Equiliber sinn, voire am Iwwerschoss, contrairement zu de Budgeten, och aus deem gudde Joer 1999 a villen anere Länner an Europa. Dofir mengen ech, datt een dat Wesentlecht bei dësem Projet de loi net vun enger ganzer Rei vun Detailobservatiounen, déi de Moien ausschliesslech hei gemaach gi sinn, soll ewech wëschen. Dat Wesentlecht ass, datt dëst Resultat beweist, datt souwuel op der Dépensë- wéi op de Recettësäit eng uerdentlech Finanzgestioun gemaach ginn ass.

Ech wëll zu e puer Detailobservatiounen awer Stellung huelen, fir datt d'Chamber do och d'Meenung vun der Regierung kennt.

Fir d'éischt déi Observatioun, déi den Här Krecké gemaach huet betreffend d'Affektatioune vun de Plus-valuen. Et ass selbstverständlech, datt mer hei nach ënnert deem ale Kontabilitéitsgesetz geschafft hunn, an datt ënnert deem neie Kontabilitéitsgesetz déi Regelen natierlech anerer sinn. Et steet och iergendwou am Rapport, datt dat hei net conforme wär mam neie Kontabilitéitsgesetz, mä dat neit Kontabilitéitsgesetz vun 1999 huet sech net heirop applizéiert.

Bei de Konte vum Joer 2001, do si mer schonn op en neie Wee gaangen, well mir hunn d'Konten déposéiert, an dee Moment wou dee Projet de loi gestëmmt gëtt iwwert d'Affektatioune vun de Plus-valuen, musse mer de Kont definitiv unhuelen, well de Kont muss d'Affektatioun vun de Plus-valuen als Dépense selbstverständlech beinhalten. An dofir mengen ech, datt mer an Zukunft do op e bessere Wee komme wéi dat nach virun e puer Joer de Fall war.

De Kont vum Joer 2002, do huet Äre Rapporteur mech gefrot, wéini ech denken deen ze déposéieren. Ech hu ferm wëlles, esou bal mer den 31. Mee 2003 dee Kont fäerdeg hunn, d'Resultat vum Kont selbstverständlech der Chamber matzedeelen.

***(Interruptions)***

D'Ordonnancementer sinn elo fäerdeg, mä Payementer kënnen nach gemaach ginn. Also kann ech op dësem Datum net genee soe wéi d'Resultat ass. Soubal deen Délai ass, wou ech e muss ofginn, den 31. Mee, kritt d'Chamber en. Ech weess net, ob sämtlech Annexen da fäerdeg sinn. Meng Beamte soe mer, datt dat net dra wier. Mä ech mengen, wann een d'Resultat huet, da kritt d'Chamber dat selbstverständlech matgedeelt. Dat maachen ech direkt nom 31. Mee 2003, sou wéi dat am Gesetz virgesinn ass.

Eng zweet Observatioun wollt ech maachen zu der Remarque iwwert d'Comptables extraordinaires. Ech hunn opgrond vun deem neien Informatiksprogramm, dee mer agefëiert hu mam neie Kontabilitéitsgesetz, d'Zuel vun de Comptables extraordinaires drasteg gesenkt. Ech denken och un d'Problemer déi opkomm sinn, zum Beispill am Beräich vun den Ambassaden, ob een do net kann op de Wee goe vun dem System vun der Gestion séparée. Mir sinn amgaang ze kucken, ob dat technesch geet, datt mer also och do kéinten dann en neit Instrument gebrauche wat conforme wär mam neie Kontabilitéitsgesetz.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), rapporteur.*- Här Minister, d'Payementer si fäerdeg. D'Payementer gi bis den 31. Mäerz. Den Ordonnancement bis Enn Februar. Dat mécht nach zwee Méint fir u sech de Rapport ze maachen. D'Payementer misste fäerdeg sinn. Wann Der elo nach Payementer autoriséiert, si mer en dehors.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Ech autoriséiere keng Payementer. Dat muss d'Trésorerie maachen. Meng Erënnerung war, datt den Ordonnancement den 31. Mäerz war.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), rapporteur.*- Ech hunn et hei. Den 31. Mäerz sinn d'Payementer fäerdeg.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- D'accord. Den 31. Mee ass den Datum, wou ech muss déposéieren. Also den 31. Mee kommen ech mat deene Konten an d'Chamber.

Déi Annexen, Här Krecké, ech schreiwen déi net selwer. Ech soen all Dag de Beamten, datt se wann ech gelift sech sollen intensiv domadder ofginn. Si schaffen enorm vill. Dat si brillant Leit an der Trésorerie. Wa se et fäerdeg brénge, bréngen ech se mat. De Kont stellen ech lech vir, an et gëtt nach ganz flott wa mer kënnen iwwert déi Konte schwätzen, well ech gären dann noliesen, wat mer alles d'lescht Joer zu deene Konte gesot hunn. Mä ech wëll eréischt d'Konte kommentéieren, wann ech se definitiv do leien hunn.

Wat d'Paien ubelaangt an déi Imputatioun vun deene Paien, do wëll ech der Chamber soen, datt mengen Informatiounen no déi Problematik nëmmen nach besteet fir d'Jore bis 1999 nach mat. Fir d'Joer 2000, d'Joer 2001 an d'Joer 2002 stellt sech déi Problematik net méi. Fir d'Joer 2000 waren d'Problemer alleguerte geléist. Déi hu mer um Exercice 2002 ofgewéckelt, esou datt mer also hei nëmme vu Problemer schwätze vun 1999 an antérieur. Zënter 2001 ginn och d'Paien zentraliséiert iwwert de Ministère vun der Fonction publique ofgewéckelt. Deen neien Informatikssystem SAP erlaabt et, d'Imputatioune vun de Rémunératiounen en temps réel quasi ze maachen. Mir hunn nach de System vun den Avancen. Och do wëllt d'Fonction publique dovu wech kommen. D'Problemer vun der Imputatioun, déi hei opgeworf gi sinn, sinn, eise Servicer no, nëmmen antérieur op d'Joer 2000. Den Exercice 2000 ass schonn duerch e Groupe de travail, deen d'Regierung agesat huet, ofgewéckelt ginn. Mir schwätzen also hei vun ale Problemer.

Derbäi kënnt, datt contrairement zu deem, wat den Här Mehlen virdru gesot huet, datt d'Trésorerie falsch wier wann am Club d'Keess net géing klappen. Dat wier ganz schlëmm. D'Keess klappt, well déi Sue si jo ausbezuelt ginn a selbstverständlech an der Trésorerie och als solch ausgewisen. Dat heescht

also, datt do net Suen en dehors vun iergendenger Keess zirkuléieren. Den Direkter vum Trésor, deen ënnert menger Verantwortung schafft, dee weess ganz genee wat ausbezuelt ginn ass. Et ass d'Imputation budgétaire vun de Joren 1999 et antérieur, vun 1986 bis1999, wou individuell Fäll nach am Konflikt sinn. Déi mussen tranchéiert ginn no deenen ale Regelen, déi deemools bestanen hunn, als Konsequenz datt mer all déi Konte vun deene Jore retroaktiv missten adaptéieren oder richteg stellen.

Une voix.- Et weess jo awer kee wat fir een Exercice datt do soll erfollege fir dat eng Kéier aus der Welt ze schafen.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här Mehlen, ech wëll lech nach eng Kéier soen, datt fir d'Joer 2000 de Groupe de travail zu enger Konklusioun komm ass, an datt mer dat um Exercice 2002 ofgewéckelt hunn. Wat déi Imputatioun vu virdrun ubelaangt, do soll de Groupe de travail mat Propositioune kommen, déi ech de Moment och mat der Chamber diskutéieren, iwwer eng technesch Modalitéit, wéi mer dat kënne maachen. Mä wéi gesot, dat betrëfft al Exercicen an do musse mer zesumme kucke wat fir eng praktesch Solutioun mer do hunn. Et ass eng Fro, déi och bei de Budgetstechniker ënnerschiddlech diskutéiert gëtt an dofir huet och d'Regierung fir déi al Exercicen nach keng adequat Propositioun virleien. Mä d'Fonction publique an aner Servicer vum Stat schaffen dorunner.

E leschte Punkt wollt ech maachen iwwert d'Revendicatioun déi hei komm ass, eng Analyse économique vum Kont ze maachen. Also ech muss lech soen, dat ass eng gutt Demande. Mä ech mengen, déi Analyse économique kann awer och d'Chamber selwer maachen an ech kann lech se och selwer hei maachen. Et brauch een nëmmen de Rapport d'analyse vum Statec vun engem gewëssene Joer ze kucken, déi a posteriori gemaach ginn ass, et leet een d'Konten derniewent, et kuckt ee wéi verschidde Steieren évoluéiert hunn, dann huet een d'Analyse économique, déi ee brauch.

Mir kënnen lech och d'nächst Joer nach fënnef Sätz derbäi schreiwen, mä ech mengen datt wierklech d'Leit, déi sech hei an der Chamber ëm déi Konte bekëmmeren a virun allem d'Budgetskontrollkommissioun à même sinn, opgrond vun deenen Dokumenter déi se hunn, och wann dat net an dësem Projet de loi steet, d'Analyse économique vun deene Konten do ze maachen.

Et war e Joer wou mer eng staark Croissance haten, wou verschidde Steierkategorien vill méi Recetten erabruecht hunn. Dofir mengen ech ass d'Analyse économique och liicht gemaach, mä ech si gär d'accord lech d'nächst Joer déi puer Sätz derbäi ze schreiwen, mä ech menge wierklech, jiddfereen heibannen ass à même déi Analyse économique selwer, opgrond vun deene Chifferen, déi mir virleeën, am Kont ze maachen.

Wéi gesot, de Kont reflektéiert eng gesond Finanzsituatioun, an dofir sinn ech frou datt d'Chamber se stëmmt, an ech wëll och dem honorabelen Här Krecké an deenen anere Kolleegen, déi heizou intervenéiert sinn, fir hir Interventioune merci soen.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert de virleiende Gesetzesprojet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 45 Jo-Stëmmen an 12 Abstentiounen.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Nico Loes), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké).*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira);*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

## 4. Ordre du jour

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, géing ech lech proposéieren, well den Här Minister Frieden elo hei ass a wëll e beruffshalwer de Mëtteg net kann hei sinn, dann hätte mer elo nach Zäit fir d'Projetë 4966A a 4966B ze huelen, an de Mëtteg géife mer da mat deeenen anere weiderfueren.

Sidd Der domat d'accord?

***(Assentiment)***

Mir kommen dann zur Diskussioun vun de Projets de loi 4966A a 4966B.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, well de Minister Goerens och hei ass, fir datt et elo ganz kloer ass, also mir huelen elo dee Projet do, wat dem Här Frieden säin ass, well et ass jo och de Moie Regierungsrot, an da géinge mer deen anere plus d'Naturalisatiounen de Mëtteg huelen. Awer dann no der Interpellatioun, dass den Här Minister och ka seng Zäit andeele fir de Mëtteg. Kënne mer dat dann esou décidéieren, dass de Mëtteg d'Interpellatioun vum Här Weiler kënnt, dann de Projet de loi wou den Här Calmes Rapporteur ass an dann d'Naturalisatiounen? Geet dat esou? Maache mer dat esou?

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- Mir maachen dann déi Projeten. Da wäert et véirel op sinn, dann hale mer op an de Mëtteg fuere mer mat den Interpellatioune virun an dann de Rescht vum Projet. D'Wuert huet elo den Här Ady Jung.

## 5. 4966A - Projet de loi portant approbation

1. du Protocole additionnel à la Convention européenne sur le transfèrement des personnes condamnées du 18 décembre 1997;

2. de l'Accord relatif à l'application, entre les Etats membres des Communautés européennes, de la Convention du Conseil de l'Europe sur le transfèrement des personnes condamnées du 25 mai 1987

## 4966B - Projet de loi sur le transfèrement des personnes condamnées

***Rapport de la Commission juridique***

M. Ady Jung *(CSV), rapporteur.*- Här President, honorabel Kolleeginnen a Kolleegen, beim Projet de loi 4966 handelt et sech global gesinn ëm d'Iwwerféierung vu verueerteelte Persoune vun engem Land an en anert.

Am éischte Projet 4966, wéi en am Regierungstext virgeschloe war, waren déi Bestëmmungen, iwwert déi mer haut hei befannen, an engem eenzege Projet de loi zesumme gefaasst. Fir d'Saach awer méi iwwersichtlech ze maachen an net muttwëlles ze verkomplizéieren, gouf en an zwee opgedeelt, also an de Projet A an an de Projet B.

De Statsrot hat a sengem Avis, dee positiv war wat de Fong ubelaangt, mä deen d'Form contestéiert huet, esou e Splitting virgeschloen an d'Kommissioun huet sech där Meenung ugeschloss.

Duerch de Projet 4966A, esou wéi en haut hei zur Ofstëmmung virläit, gëtt engersäits den Zousazprotokoll iwwert d'Konventioun vum 18. Dezember 1997, wat d'Iwwerféierung vu Veruerteelten ubelaangt, approuvéiert.

Anerersäits gëtt den Accord tëschent de State vun der EU an d'Konventioun vum Conseil de l'Europe vum 25. Mee 1987 iwwert d'Iwwerféierung vu Veruerteelten ugeholl.

Beim Projet de loi 4966B handelt et sech ëm d'Ofännerung vum Gesetz vum 31. Juli 1987, woumat d'Konventioun vum 21. Mäerz 1983 iwwert d'Iwwerféierung vu Veruerteelten an Inhaftéierten am Ausland approuvéiert a geregelt gi war. Méi einfach verständlech ausgedréckt kann ee soen, datt et sech beim Projet B ëm eng Regruppéierung vun de gesetzleche Bestëmmungen iwwert d'Iwwerféierung vu veruerteelte Persounen handelt déi scho bestinn, mat gewëssen Ännerunge vun deene Bestëmmungen.

Fir d'éischt also zum Projet de loi 4966A. Den Zousazprotokoll zur europäescher Konventioun an den Accord zur Konventioun vum Conseil de l'Europe, esou wéi se am Intitulé zitéiert sinn, ginn an den Artikelen 1 an 2 approuvéiert.

Am Artikel 2 ass weiderhi festgehalen:

1. datt d'Lëtzebuerger Regierung drop verzicht, déi Dispositiounen ze applizéieren, déi dem Stat, deen d'Strof ze exécutéieren huet, et erlaabt d'Strofmooss ze erhéijen opgrond vu Sanctiounen, déi a senger Gesetzgebung zousätzlech virgesi wären;

2. datt déi entspriechend Ufroen a Begleetdokumenter fir Iwwerféierungen och op franséisch oder däitsch iwwersat musse sinn; an

3. d'Lëtzebuerger Regierung deklaréiert hiren Engagement zu dësem Accord vis-à-vis vun all deene Staten, déi deeselwechten Accord ratifizéiert hunn.

Am Artikel 3 assimiléiert de Lëtzebuerger Stat all Awunner aus der Europäescher Unioun mat regelméissegem a festem Wunnsëtz op sengem Territoire, wou eng Iwwerféierung am Interessi vun där betreffender Persoun ubruecht schéngt.

Da komme mer zum Projet de loi 4966B.

Am Regierungstext waren déi viséiert Bestëmmunge virgesinn ënnert dem Titel „modification de la loi du 31 juillet 1987 portant approbation de la Convention du 21 mars 1983 sur le transfèrement des personnes condamnées et réglant le transfèrement des personnes condamnées et détenues à l'étranger".

Et handelt sech hei, wéi scho virdru bemierkt, ëm eng Zesummefaassung mat liichten Ännerunge vu gesetzleche Bestëmmungen, déi am Kontext vun der Iwwerféierung vu veruerteelte Persounen duerch d'Gesetz vum 31. Juli 1987 schonn an eiser Gesetzgebung bestinn. D'Kommissioun huet sech dofir dem Virschlag vum Statsrot ugeschloss an dee vereinfachten Intitulé zréckbehalen, esou wéi e vun der héijer Kierperschaft virgeschloe gouf: „Projet de loi sur le transfèrement des personnes condamnées".

Erlaabt mer, Här President, op déi eenzel Artikele kuerz anzegoen.

Ënner Artikel 1 ass festgehalen, datt wann e Lëtzebuerger, deen definitiv am Ausland veruerteelt war, sech där Strof duerch eng Flucht zréck hei op Lëtzebuerg entzitt, de Lëtzebuerger Stat op Ufro vum Stat, dee verurteelt hat, dëst Urteel kann ausféieren.

Wann dogéint en Auslänner, dee vun enger Lëtzebuerger Juridictioun veruerteelt ass, sech a säin Heemechtsland ofsetzt, da kann de Lëtzebuerger Stat d'Ausféierung vum Uerteel an deem betreffende Land ufroen.

An deenen zwee Fäll kann et sech ëm Veruerteelter handelen, déi fortgelaf sinn. Et muss sech awer och ëm Persounen handelen, déi hir Strof schonn zum Deel ofgesiess hunn an no engem Hafturlaub net méi fräiwëlleg zréckgaange sinn, oder sech net un d'Konditioune vun enger sougenannter Semi-liberté gehal hunn.

Et muss sech awer och ëm Persounen handelen, déi hir Strof schonn zum Deel ofgesiess hunn an no engem Hafturlaub net méi fräiwëlleg zréckgaange sinn, oder sech net un d'Konditioune vun enger sougenannter Semi-liberté gehal hunn.

Op Ufro vun deem Stat, wou dat definitiivt Uerteel gesprach gouf, kann de Procureur général déi betreffend Persoun inhaftéiere bis eng definitiv Décisioun geholl ginn ass. Déi entspriechend Internéierung gëtt op d'Gesamtstrof ugerechent. D'Iwwerféierung vum Veruerteelten an d'Vollstrecke vum Uerteel ënnerläit net dem Aversteesdemech vun där veruerteelter Persoun.

Den Artikel 2 hält fest, datt déi Lëtzebuerger Autoritéiten eng Persoun, déi hire regelméissegen a feste Wunnsëtz hei a Lëtzebuerg huet an déi definitiv am Ausland veruerteelt gouf, op Ufro vun deem Stat ausweise kënnen. Datselwecht gëllt wuelverstanen och ëmgedréint fir eng Persoun, déi hei a Lëtzebuerg definitiv veruerteelt ass. An deem Fall kann de Lëtzebuerger Stat eng Iwwerféierung beantragen.

Den Artikel 3 betrëfft déi Persounen, déi hir Strof op där enger oder anerer Plaz nach net ganz ofgesiess hunn.

Den Artikel 4 seet, datt wann e Veruerteelten op Lëtzebuerger Territoire ukënnt respektiv inhaftéiert ass, hie kuerzfristeg dem Procureur général oder sengem Vertrieder virgefouert gëtt, deen dann déi néideg Schrëtt ënnerhëlt.

D'Artikele 5 bis 6 behandele weider Detailer vun de virgenannte Prozeduren.

Laut dem Artikel 7 gëtt de Strofvollzuch laut Lëtzebuerger Recht vollzunn.

Am Artikel 8 ass festgehalen, datt keng weider Strofverfolgung am Ausland ka gemaach gi fir en Delikt fir datt e Veruerteelten hei a Lëtzebuerg seng Strof ofsëtzt.

Den Artikel 9 leet fest, datt eise Justizminister déi kompetent Autoritéit ass fir d'Ufroen, wat d'Iwwerféierung vun Veruerteelten, déi mat dësem Gesetz viséiert sinn, ubelaangt.

Den Artikel 10 abrogéiert d'Artikelen 2 bis 8 vum Gesetz vum 31. Juli 1987, déi d'Konventioun vum 21. Mäerz 1983 iwwert d'Iwwerféierungsprozedure vu veruerteelte Persoune ratifizéiert huet.

Här President, esou wäit also zu den Texter vun de Gesetzer 4966A a 4966B wéi mer se an der Kommissioun ausféierlech diskutéiert an eestëmmeg zréckbehalen hunn.

Erlaabt mer e spezielle Merci un de Justizminister Luc Frieden a seng Mataarbechter ze riichten, un d'Mataarbechter vun der Chamber, un d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus der Commission juridique wéi och un de Statsrot fir säi konstruktiven Avis.

***(Brouhaha général)***

Ofschléissend bieden ech lech, Här President, honorabel Kolleeginnen a Kolleegen, am Numm vun der Commission juridique dës Gesetzer ze stëmmen esou wéi se haut hei virleien.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

***(Interruption)***

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll am Numm vu menger Fraktioun dem Här Ady Jung merci soen. Wéi mir dat vun him gewinnt sinn, huet hien en excellente schréftlechen a mëndleche Rapport erëm ofgeliwwert. Hie war haut awer ganz besonnesch komplett, esou datt mir iwwerhaapt näischt méi derbäizefügen hunn an ech mech eigentlech drop limitéiere kann, just den Accord vu menger Fraktioun ze bréngen.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Den Här Jean-Pierre Klein huet d'Wuert.

Plusieurs voix.- Ah!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dir kommt jo net an de Statsrot, Här Klein!

***(Hilarité)***

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Nach net.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Nach net.

***(Hilarité)***

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Ech muss mäi Stage nach maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci dem Rapporteur fir seng gutt an däitlech Aarbecht, fir de gudde Rapport. Wéi de Rapporteur schonn erkläert huet, geet et an dësem Projet ëm d'Approbatioun vun zwee internationalen Instrumenter: dem Protocole additionnel an dem Accord tëschent den EU-Memberstaten, deen d'Konventioun vum 25. Mee 1987 iwwert d'Iwwerféierung vu veruerteelte Leit ergänzt.

Duerch d'Approbatioun vun deenen zwee internationalen Instrumenter muss ausserdeem eist Gesetz vum 31. Juli 1987 geännert an

adaptéiert ginn. Dëst Gesetz regelt d'Prozeduren, déi applicabel sinn am Beräich vum Transfèrement vu veruerteelte Leit. Ech wëll weider net op den Objet an de Contenu vun dësem Projet de loi agoen. De Rapporteur huet alles gesot an ech hunn deem näischt méi bäizefügen.

Par contre wëll ech d'Geleeënheet notze fir mech engersäits méi mat der Matière u sech a mat deenen dorun ugebonnene Schwieregkeeten ze befaassen an anerersäits drop anzegoe wat fir eng Efforten um internationale Plang gemaach ginn, notamment um Niveau vum Conseil de l'Europe, fir d'Uwendung vun der Konventioun vum Conseil de l'Europe iwwert den Transfèrement vu veruerteelte Leit ze vereinfachen.

Dës Konventioun, déi bal vun alle Memberstate vum Conseil de l'Europe ratifizéiert ginn ass, erméiglecht et am Ausland veruerteelte Leit erëm an hiert Heemechtsland oder an dat Land, wou se hir Résidence habituelle et régulière hunn, ze rapatriéieren. Dat heescht op kee Fall, dass se dann op fräie Fouss kënne gesat ginn. Si mussen dann an hirem Land de Rescht vun hirer Prisongsstrof, zu där se am Ausland veruerteelt gi sinn, ofsëtzen.

Vun do un, wou dës Konventioun a Kraaft getrueden ass, konnten honnerte vu Prisonnéier op Basis vun der Konventioun an hiert Heemechtsland transféréiert ginn. Mengen Informatiounen no sinn der nach net vill zréck op Lëtzebuerg komm. Et sinn der nach net vill heihinner transféréiert ginn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Dës Méiglechkeet vun den Transfèrementer ass natierlech eng positiv Saach fir déi betraffe Prisonnéier, well se hir Réadaptatioun an hir sozial Réinsertioun méi einfach mécht an esou de Risque vu Récidivë reduzéiert gëtt. Et ass jo effektiv esou, dass e Prisonnéier, deen am Ausland seng Strof ofsëtze muss, net esou einfach an oft ka Besuch vu senger Famill kréien oder net esou einfach kann eppes an Emfank huelen.

Fir lech eng Iddi ze gi wat d'Unzuel vun Auslänner an de Prisongen ausmécht, wëll ech e puer Zuelen uginn. An der Schwäiz si 54% vun de Prisonnéier Auslänner. An Däitschland sinn et der 40%. Zu Lëtzebuerg sinn et souguer 16,2%. Wann déi Détenuen also an hiert Land kënne rapatriéiert ginn, da fördert dat hir sozial Réinsertioun.

All Mënsch, dee sech an der Matière auskennt, ass d'accord fir ze soen, dass dës Konventioun e wichtegt a preziéist Instrument vun internationaler Kooperatioun en matière pénale duerstellt.

***(Interruptions)***

Leider muss ee feststellen, dass d'Konventioun an der Praxis net esou gutt fonctionnéiert wéi ee sech dat géing wënschen. Effektiv ass de prozedurale Kader vum Transfèrement, deen d'Konventioun opstellt, net kamoud an net ëmmer kloer.

***(Interruption)***

Ech hätt léiwer den Här Jung géing dat soen. Hien ass de Kontroller vun deem wat ech hei soen. Hie kennt eppes dovunner, Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Awer net méi laang.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Ausserdeem stellt d'Konventioun eng Rei…

***(Interruptions)***

…vu Konditiounen, déi mussen erfëllt sinn, fir dass en Transfèrement ka stattfannen. Fir dës Konditiounen ze iwwerpréife mussen déi zwee concernéiert Länner sech géigesäiteg eng grouss Quantitéit vun administrativen Dokumenter zoukomme loossen. D'Prozedur ass also mat enger grousser Bürokratie verbonnen, esou dass et kann 12 bis 18 Méint dauere bis d'Prozedur ofgeschloss ass. Nieft deene juristeschen an administrative Problemer kënnt och eng gewësse Méfiance vu verschiddene Länner derbäi, well se fäerten d'Strof géing net integral nom Transfèrement exécutéiert ginn.

Nodeems déi Problemer, déi ech elo grad ernimmt hunn, festgestallt goufen, huet am Joer 2000 de Conseil de l'Europe d'Initiativ geholl fir eng detailléiert a kritesch Analys vum Fonctionnement vun der Konventioun ze maachen. Am Juni 2001 huet d'Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe e Rapport dozou diskutéiert an huet dunn och d'Recommandatioun 1527 iwwert de Fonctionnement de la Convention du Conseil de l'Europe sur le transfèrement des personnes condamnées (analyse critique et recommandation) ugeholl.

An deem Text huet d'Assemblée parlementaire eng ganz Rei vu Verbesserungsvirschléi un de Comité des ministres gemaach, déi als Zil hunn d'Konventioun an hirer praktescher Uwendung ze vereinfachen. Doropshin an op Basis vun der Recommandatioun 1527 huet de Comité des ministres vum Conseil de l'Europe en anert Organ vum Conseil de l'Europe saiséiert, an zwar de Comité des experts sur le fonctionnement des conventions européennes dans le domaine pénal, fir en Avis iwwert d'Problematik ze froen. Net méi spéit wéi am Januar 2003 huet dunn de Comité des ministres a senger Äntwert un d'Assemblée parlementaire déi Recommandatioun 1527 positiv opgeholl an de virdru genanntenen Avis presentéiert. D'Propositiounen, déi an dësem Avis dra sinn, mussen elo nach vum Comité des ministres analyséiert ginn a sollen dann a seng zukünfteg Aarbecht afléissen.

Während mer haut mat dësem Projet de loi en Accord vun 1987 an e Protocole additionnel vun 1997 zu där Konventioun vum Conseil de l'Europe approuvéieren, war de Conseil de l'Europe schonn erëm während dräi Joer fläisseg an dëser Matière, mam Zil d'Konventioun iwwert den Transfèrement nach méi einfach an hirer praktescher Uwendung ze maachen, esou dass d'Länner nach méi intensiv an där Matière kooperéiere sollen a kënnen.

Unhand vu mengen Ausféierunge gesäit een, dass de Conseil de l'Europe wierklech beméit ass fir en optimale Fonctionnement vun där Konventioun iwwert den Transfèrement ze erreechen.

***(Interruptions)***

An deem Sënn ass och deen heite Projet de loi, dee mer ofstëmmen, ze gesinn, an duerfir wäert meng Fraktioun en och stëmmen.

Ech soen lech merci.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Bettel virgesinn. Oh, deen ass bestëmmt domat d'accord, well hien ass net do.

***(Hilarité générale)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech géif dann, wann dat iwwerhaapt méiglech ass, Här President, am Numm vum Här Bettel den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

Dem Virriedner wëll ech just soen: Et ass emol viru Jorzéngten en excellente Riichter ginn, dee gesot huet: « Petite plaidoirie, petite peine. Grande plaidoirie, grande peine. » Dat kënnt een hei och e bëssen uwenden, mä ech géif awer am Numm vun eiser Fraktioun ganz besonnesch dem Här Rapporteur Jung e ganze grousse Merci soen, well hie mat esou enger grousser Iwwerzeegung dëse juristesche Projet ausernaner geluecht huet.

***(Interruption)***

Ech fäerten, dass do, wou hien elo hikënnt, hien net esou gelueft gëtt wéi hien hei gelueft ginn ass.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Henckes agedroen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech wëll am Numm vun der ADR-Fraktioun dem Här Rapporteur félicitéiere fir säin excellente Bericht, deen hie mat ganz vill Dynamismus och hei an der Chamber virgedroen huet a mat ganz vill Kompetenz.

Wat de Projet de loi selwer ugeet, do wëll ech bien entendu den Accord vun onser Fraktioun ginn, well et zu enger staarker Vereinfachung kënnt bei dem Transfèrement vu Prisonnieren. Ech géing just den Här Justizminister drëm bieden, wann hie mat senge Kolleegen zesummen ass, eng Kéier déi praktesch Auswierkungen, wou Transferte komme vun engem Land zum aneren, analyséieren ze loossen. Et wäert dann héchstwahrscheinlech zu enger neier Konventioun kommen, well ee gesi wäert, datt déi Transfèrementer sech haaptsächlech vu verschiddene Länner no anere Länner maachen, wou et wéinst de Conditions de détention an och wéinst der Exécution des peines e groussen Intérêt gëtt.

Dat gesot, ginn ech nach eng Kéier den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här François Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, et ass net meng Gewunnecht fir ëmmer erëm de Saz ze soen, dass ech dem Rapporteur wëll félicitéiere fir säi gudde Rapport, mä hei maachen ech eng Exceptioun, well et dem Här Jung säi leschte Rapport ass, deen hien dësem Parlament wäert maachen, duerfir wëll ech him félicitéiere fir säi gudde Rapport a soen, datt mer dee Projet hei wäerte stëmmen.

M. le Président.- Den Här Urbany freet nach d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, contrairement zu deem wat meng Virriedner gesot hunn, wëll ech awer hei ukënnegen, datt ech mech bei dësem Projet enthale wäert, an zwar aus enger ganz einfacher Ursaach, well en de Problem opwerft vun der double Peine.

Dat betrëfft déi Leit, déi hei condamnéiert ginn an déi dann zousätzlech nach expulséiert ginn. Dat kënne Leit sinn, déi hei scho ganz laang wunnen, an dat kënne souguer Leit sinn, déi hei gebuere sinn. Zum Beispill kënnt et bäi engem portugisesche Matbierger, deen hei condamnéiert gëtt, vir, dass deen zousätzlech nach gesot kritt hie géif expulséiert ginn a Portugal, och wann hie guer keng Attache familiaire méi a Portugal huet a wa seng ganz Famill hei wunnt.

Do gëtt elo gesot, dass hien direkt kann transféréiert ginn a säin Heemechtsland, och ouni säin Accord. Hie kann zwar säin Avis ginn, mä hie muss net säi Consentement ginn. Dat heescht hie muss seng Peine dann direkt schonn exécutéieren an deem Land, wou hien absolut keng Attachen huet. Hie ka keng Visitë kréien zum Beispill vu senger Famill. Déi Méiglechkeet hätt hien awer hei am Prisong, wann hien hei emprisonnéiert wier.

Duerfir fannen ech, dass dee Problem do ganz schlecht geregelt gëtt. Och wann d'Konventioun dat esou virgesäit, dass nëmmen en Avis gefrot ass an net e Consentement, fannen ech, dass een hei awer iwwert de gesetzleche Wee dat hätt ganz anescht regele kënnen an zum Beispill zur Regel maachen, dass d'Leit och hire Consentement gi mussen ier se dann direkt expulséiert gi fir hir Peine an engem anere Land ze purgéieren.

Duerfir wäert ech mech bei deem heite Projet enthalen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, no deenen excellenten Explicatioune vum honorabelen Här Ady Jung brauch een net méi op den Detail vun dësen zwee Projeten anzegoen, sauf fir drop hinzeweisen, datt dat hei e wichtegt Instrument ass fir verschidde condamnéiert Détenuë méi einfach an dat Land, wou se oft hierkommen, hinzekréien, wat och ka sinn am Intérêt vun enger spéiderer Resozialiséierung vun deenen Détenuen.

Ech muss an der Praxis soen, datt opgrond vun deenen Texter, déi mer elo hunn, dat ganz oft net fonctionnéiert, grad well den Détenu säin Accord gi muss, e Punkt op deen den Här Urbany elo grad agaangen ass. Ech hätt näischt zu dësem Projet ze soe gehat, wann den Här Urbany net elo grad seng Interventioun gemaach hätt. Ech muss nämlech soen, dass ech et als Justizminister richteg fannen, wann een deen aus engem Net-EU-Stat kënnt an zu Lëtzebuerg eng Infractioun gemaach huet an déi Infractioun eng gewësse Gravitéit huet, datt deen duerno d'Land verloosse muss an hei keng Openthaltsgenehmigung méi duerno kritt.

Mir maachen dat iwwregens opgrond vun deenen Décisiounen, déi geholl ginn, wann d'Leit fréizäiteg entlooss ginn aus dem Prisong a si hunn hei virdru keng Openthaltsgenehmigung gehat, da kréie se gesot: Dir gitt elo fräigelooss ënnert der Konditioun, datt Der ni méi op Lëtzebuerg erëmkommt. Bei deenen, déi virdrun hei zu Lëtzebuerg eng Openthaltsgenehmigung haten, kucke mer selbstverständlech wou se sech an deene Jore virdrun opgehalen hunn. Mir kucken d'Gravitéit vun der Infractioun a mir kucke wéi grouss d'Gefor fir d'öffentlech Sécherheet ass. Do ginn also eng ganz Rei vu Kritäre gekuckt an, wéi gesot, virun allem wéi laang se virdrun zu Lëtzebuerg waren. Dat gëllt fir déi, déi zu Lëtzebuerg eng Openthaltsgenehmigung haten, éier se hir Infractioun gemaach hunn. Do gëtt et och an deem Kontext nach eng konsultativ Kommissioun, déi an enger Rei vun deene Fäll gefrot gëtt, éier de Justizminister do seng Entscheedung hélt.

Déi Konventioun hei ass e gudde Forschrëtt, fir eng Rei vu Condamnéierten an en anert Land ze transféréieren. An der Praxis scheitert et haut awer och nach ganz oft drun, datt déi Länner, wou mer d'Demande maachen, ganz lues si fir eis iwwerhaapt eng Äntwert ze ginn. Si tommele sech oft net fir déi heiten Zort Clienten transféréiert ze kréien. Dobäi kënnt och, dass et eng ganz Rei Länner ginn, déi déi Konventioun hei nach net ratifizéiert oder approuvéiert hunn, an duerfir muss een dat hei an der Zäitachs gesinn, mä ech mengen et erlaabt awer héchstwahrscheinlech an Zukunft eng Rei Transferte méi einfach iwwert d'Bühn ze kréien.

Duerfir soen ech all deene merci, déi dëse Projet stëmme wëllen. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech froen nach eng Kéier Parole après ministre, Här President.

Ganz kuerz, ech hat eng Question parlementaire gestallt iwwert déi Praxis do. Ech hat d'Statistike gefrot iwwert déi Pratique administrative wéi se an deenen dote Fäll, déi den Här Minister elo erklärt huet, erfollegt. Ech waarden dann op déi Äntwert an ech appréciéiere wéi et an der Praxis dann ausgesäit an deene Fäll.

M. le Président.- Här Minister Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Ech wëll dem honorablen Här Urbany soen, datt déi Äntwert, déi hie mir geschéckt huet de 17. Mäerz…

Plusieurs voix.- Déi Fro.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Pardon, d'Fro, déi den Här Urbany mer geschéckt huet, vum 17. Mäerz, datt ech déi gëschter beäntwert hunn. Ech konnt se ganz séier beäntwerten, well genau déi nämlecht Fro hat de 7. November 2002 den honorablen Här Mosar mer gestallt, esou datt ech den Här Urbany drop hiweisen, datt hien d'Question parlementaire 1890 liese soll. D'Äntwert op seng Fro misst hien also haut vum Greffe vun der Chamber matgedeelt kréien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mer kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4966A a mir stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen of iwwert de Projet 4966A.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4966A ass unanime mat 56 Stëmmen an enger Enthalung ugeholl.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Nico Loes), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Jean Asselborn), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;.*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch.*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Lecture vum Projet de loi 4966B.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 10 si gelies an ugeholl.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet de loi 4966B si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 54 Stëmmen an enger Enthalung ugeholl.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Nico Loes), Ady Jung, Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Théo Stendebach), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Claude Meisch) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Jeannot Krecké), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot (par M. Jos Scheuer), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Jos Scheuer et Georges Wohlfart;*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtteg um halwer dräi a fänkt u mat der Interpellatioun iwwert d'Héichwaasser. Duerno maache mer de Rescht vum Ordre du jour vun de moien, déi Punkten, déi mer net erleedegt kritt hunn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 12.22 heures)***

# JEUDI, 3 AVRIL 2003 — 48E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. Interpellation de M. Lucien Weiler sur les crues et inondations

   *(Discussion générale)*

2. 4975 - Projet de loi portant approbation du Protocole facultatif à la Convention relative aux droits de l'enfant, concernant l'implication d'enfants dans les conflits armés, fait à New York, le 25 mai 2000

   *(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

**3.** Demandes en naturalisation

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden, Michel Wolter, Henri Grethen et Charles Goerens, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.30 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass.

Esou wäit ech gesinn huet d'Regierung der Chamber näischt matzedeelen.

***(Assentiment)***

Dann huele mer direkt den éischte Punkt vun eisem Ordre du jour an Ugréff, dat ass d'Interpellatioun vum Här Lucien Weiler iwwert d'Héichwaasser an d'Iwwerschwemmungen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo agedroen: déi Häre Scheuer, Clement, Belling, Mehlen, Gira, Strotz a Graas. D'Wuert huet elo den Interpellant, den honorablen Här Lucien Weiler.

### 1. Interpellation de M. Lucien Weiler sur les crues et inondations

M. Lucien Weiler *(CSV), interpellateur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, datt d'Kolleege vun der lénker Säit hei net mat engem Problem vun Héichwaasser haut de Mëtteg ze kämpfen hunn.

***(Interruptions)***

Ech wollt soen, Här President, dass ech am Oktober vum leschte Joer eng Aktualitéitsdebatt hei an der Chamber ugefrot hat iwwert d'Problematik vum Héichwaasser. Meng Demande…

***(Interruptions)***

Jo dach, zanterhier huet et ganz vill gereent, ech wëll Iech dat soen, an déi Leit, déi domat ze doen haten, déi waren net amüséiert - fir déi Leit, déi heibanne menge si missten elo scho mat Zwëscheremarken hei fueren.

Ech wëll soen datt dunn, wéi ech déi Aktualitéitsdebatt ugefrot hat, eng Rei Leit hei aus dem Parlament, och Leit aus der Regierung déi Demande zimlech amüséiert opgeholl haten a si se relativ ironesch kommentéiert hunn an deem Sënn: Iwwer wéi een Héichwaasser wëllt hien dann elo op eemol hei am Hierscht schwätzen?

Abee, ech muss Iech soen, Dir Dammen an Dir Hären, déi Leit, déi den 3. Januar dëst Joer mat Hab a mat Gut am Héichwaasser gestanen hunn, déi ware guer net amüséiert. Deementspriechend denken ech, dass et gutt wär, wa mer eis Gedanke maachen iwwert dat wat sech an deene leschten zéng Joer an där ganzer Fro vum Héichwaasser gedoen huet.

Naturkatastrophen, Här President, dat si Phenomeener déi et weltwäit ginn, och an Europa. Mir hunn et de leschte Summer erlieft an Däitschland. Hei zu Lëtzebuerg kënne mer soen, dass mer u sech kënne frou sinn, dass mer „nëmmen" mam Problem vum Héichwaasser gehäit sinn. Mir haten es 1993 zweemol. Mir haten es 1995 a mir haten es am Januar 2003.

***(Interruption)***

Jo, mir haten dertëschent nach déi eng oder déi aner Kéier Héichwaasser, mä et war awer net, dass es an deenen dramateschen Ausmoosse war wéi zu deene Kéieren, déi ech elo just genannt hunn.

1993 ware mer voll iwwerrascht ginn. 2003 si mer och iwwerrascht ginn, mä mir ware besser preparéiert wéi virun zéng Joer. Dat heescht mir hate geléiert aus deene leschten zéng Joer. Net nëmme mir, dat heescht d'Regierung, d'Gemengen, mä och d'Bierger, jiddereen hat Zäit fir sech anzestellen. Mir ware besser preparéiert, wat awer net heesche wëllt, dass mer optimal preparéiert waren. Mir waren op verschidde Plaze gutt preparéiert, op anere Plaze ware mer manner gutt preparéiert. Duerfir denken ech sollt een emol versichen e bëssen de Bilan ze maachen an ze kucke wou mer virukomm sinn a wou et gehappert huet.

Ech wëll, Här President, keng Analys méi maache vun den Ursaache fir déi massiv Iwwerschwemmungen. Et ass an deene leschten zéng Joer dack a vill driwwer diskutéiert ginn. Vun de Klimaveränderunge bis zum Wieder, iwwert d'Zersiddelung, d'Zoubëtonéierung, iwwert déi landwirtschaftlech Bewirtschaftung, villes sinn Ursaachen. Et gëtt net nëmmen eng Ursaach, déi heirunner Schold ass, mä et ass wahrscheinlech am Zesummespill vun enger ganzer Rei vun Ursaachen. Dat awer soll haut net den Objet vu menger Demande sinn, grad wéi et net drëm geet fir Schëlleger ze fannen.

Wéi mer 1993 fir d'éischt hei debattéiert hunn, hu verschidde Regierungsmembere gesot, a si hate Recht domat, et ass net d'Regierung, et sinn net d'Schäffen an d'Gemengeréit, et sinn net déi Responsabel an et sinn net d'Autoritéiten, déi Schold sinn. Schold ass virun allem dat, wat ech virdru gesot hunn, un alleréischter Stell d'Wieder.

Et geet och net, Här President, fir erauszefanne wat mer da sollte maachen a wat mer misste maachen, fir dass ni méi e Mënsch en naasse Fouss kritt, wann et vill reent a wann et Héichwaasser gëtt. Den Innenminister huet z'lescht nach an engem Interview gesot: Absolute Schutz gëtt et an där heiter Fro net. Dee gëtt et net. Dee kann et net ginn. Dee gëtt et net am Ausland an dee gëtt et och hei bäi eis net.

Wat awer net wëllt heeschen, Här President, dass mer eis net musse Gedanke maachen: Wat ass an deene leschten zéng Joer, zanter datt mer dat éischt grousst Héichwaasser haten - mir haten es an deene leschten honnert Joer méi oft, mä dat wat, wou mer interpelléiert gi sinn -, geschitt? Wat ass vun 1993 u geschitt? Wat huet nach ze geschéien? Wéi eng Approchen hu mer gewielt fir der Problematik entgéint ze trieden? Wéi eng konkret Mesurë si geholl ginn? Wéi war d'Zesummenaarbecht tëschent dem Stat, de Gemengen an den Administratiounen? Wéi steet et mat dem finanziellen Impakt vun deene ganze Mesuren? An ech wëll och, Här President, ee Wuert soen iwwert d'Roll vum Stauséi.

D'Héichwaasser 1993 an 1995 hunn eis opgeschreckt, ech hunn et virdru gesot. D'Regierung, d'Gemengen a mir goufen all gemeinsam forcéiert, fir eis Gedanken ze maachen, fir Strategien ze entwéckelen, fir esou wäit wéi et ebe méiglech ass dem Héichwaasser kënnen entgéint ze trieden. Et si global Strategien, et si regional a lokal Strategien an et sinn och punktuell Mesuren, déi an d'A gefaasst konnte ginn an déi och an d'A gefaasst gi sinn.

Et kënnt een net derlaanscht, wann een de Bilan mécht an e bëssen zréckkuckt op déi lescht zéng Joer, festzestellen, dass villes geschitt ass, mä d'Héichwaasser vun dësem Joer huet bewisen, datt och nach villes ze maache bleift. Den Innenminister huet viru kuerzem eng Kéier gesot, dass Héichwaasserschutzpolitik en net kuerzfristegen Aktionismus comportéiert, mä dass esou eng Politik op Ausdauer an op Beharrlechkeet grënnt.

Här President, ech deelen dës Meenung, mä ech deele se awer och nëmmen zum Deel. Et gi selbstverständlech eng Rei vu Moossnamen, déi an enger Héichwaasserschutzpolitik mussen ergraff ginn, déi selbstverständlech nëmme kënnen à moyen an heiansdo souguer à long terme ugeluecht ginn a konzipéiert ginn an och ausgefouert ginn: Moossname fir Flossbetter ze erweideren, Renaturéierungsmoossnamen, Réckhaltebecken, d'Zesummenaarbecht och, déi ganz oft sech komplizéiert uléisst, tëschent Stat, Gemengen a Verwaltungen, d'Interaktioun an den Aktiounen tëschent deenen eenzelne Gemengen, tëschent deen eenzelne Verwaltungen. Ech komme gläich dorop zréck.

Dat sinn Domäner oder Terrainen, déi kritt een net vun haut op mar beackert. Do muss ee wierklech e laangen Otem hunn. Do muss ee beharrlech virgoen. Vill Leit musse kënne matdiskutéieren. Vill Leit musse mateneen eens ginn, fir dass een en fin de compte zu konkrete Léisunge kënnt.

Mä et ginn op där anerer Säit awer och, Här President, Moossnamen, déi guer net esou vill Zäit verlaangen, déi a méi kuerzfristegen Zäitraim ëmgesat gi kënnen. Wann een duerch d'Land fiert, an ech fänken hei zu Walfer un, ech fueren iwwer Miersch, Ettelbréck bis op Reisduerf dorower an ech kucke mer u wat a villen Dierfer a Stied an deene leschten zéng Joer gemaach ginn ass u punktuelle Moossnamen, da gesäit een, datt hei ganz vill geschitt ass, datt hei och an enger Rei vu Gemenge wierklech de politesche Wëllen do war, opgrond vun deene Katastrophen, déi se erlieft hunn, fir eppes ze ënnerhuelen. Bei deenen engen ass méi geschitt. Bei aneren ass manner geschitt.

***(Interruption)***

Glift?

***(Interruption)***

Ech wëll haut hei keng prezis Beispiller opziele wéi deen een a wéi deen aneren agéiert huet. Ech wëll keen hei au pilori stellen. Ech wëll awer zum Beispill soen, datt eng kleng Gemeng wéi Ierpeldeng, déi net vill finanziell Moyenen huet, hei virbildhaft virgaangen ass a villes zréckgestallt huet un deem wat se hätt kënne maachen u positiven Aktioune fir hir Bierger, wat aner Buergermeeschteren a Schäfferéit gäre maachen. Déi Ierpeldenger hunn alles dat zréckgestallt, well de Problem bei hinnen am Akutste war, fir hei Mesuren ze ergräifen. D'Bierger vun Ierpeldeng a virun allem vun Angelduerf konnten am Januar 2003 déi éischt Benefisser aus esou enger Politik zéien.

Ech hu gesot: De politesche Wëlle selbstverständlech vu lokale Responsabelen, mä awer och d'Fro vun de Finanzen. Ech wäert e bësse méi spéit op déi Fro zréckkommen.

Ech hu gesot, Här President, et gouf munches gemaach an et soll een dat net ënnerschätzen. Et gouf munches gemaach vu Säite vun der Regierung. Wann ech eleng de finanziellen Appui kucken, deen de Stat, d'Regierung bei deenen eenzelne Projete gëtt, dann ass dat net négligeabel. Dat ass substanziell. Dat ass vill.

De Stat huet hei seng Responsabilitéit iwwerholl, a wa mer spéiderhin nach eng Kéier op d'Fro vun de Finanzen zréckkommen, da wäert ech Iech soen dass ech denken, dass mat deene bis zu 50%, praktesch a ville Fäll e méi héije Prozentsaz, de Stat do esou wäit gaang ass wéi ech mengen dass hien huet misse goen. Ob hie méi wäit muss goen, do kann een driwwer diskutéieren. Ech géif mengen net. D'Fro vun de Finanze muss op engem aneren Niveau méi am Detail gekuckt ginn.

Ech hu gesot, dass d'Regierung substanziell Efforte gemaach huet an de Finanzen. Si huet dat um reglementareschen Niveau gemaach an dat war nach laang net ëmmer esou einfach fir d'Iwwerschwemmungsgebidder an 30 Gemengen auszeweisen, wat vill Misär gemaach huet, wou vill Leit net frou driwwer waren a wat och politesche Courage benéidegt huet fir déi Iwwerschwemmungsgebidder auszeweisen, well d'Leit, déi op eemol hiren Terrain net méi an enger Bauzon leien hunn, déi sinn net frou. Ech hoffe just, dass d'Regierung a virun allem den Innenminister dem Drock, deen nach ëmmer ausgeübt gëtt, fir dach erëm hei an do Terrainen aus deenen Zonen eraus ze huelen, net no gëtt, mä dass se dra bleiwen, well déi Zonen, déi ausgewise sinn, dat si sensibel Zonen, geféierlech Zonen, a mir sollen net higoen an an esou Zone weider bauen.

Um System vun der Préalerte ass geschafft ginn. Et ass villes gemaach ginn. Et ass villes investéiert ginn. Ech weess net, Här President, an dat ass eng Fro un den Innenminister, ob dee System dëst Joer beim Héichwaasser zefriddestellend geklappt huet. Leit, déi concernéiert waren, déi hu mer gesot, dass op jidde Fall um lokale Plang d'Informatioun net ëmmer esou geklappt huet wéi se hätt misse klappen. Et missten an deenen eenzelne Gemengen Hotlinë bestoen, wou d'Leit kéinten op der Gemeng uruffen, fir zu all Moment gewuer ze ginn a sech Rot kënnen ze huelen. Et schéngt net iwwerall esou e System ze fonctionnéieren.

Ech hu gesot vum Stat aus ass villes geschitt um kommunale Plang. Ech hu Beispiller genannt laanscht d'Uelzecht, laanscht d'Sauer. Bei der Musel ass de Problem e wéineg anescht - a meng Kolleege wäerten dorobber agoen, den Här Clement an den Här Strotz -, well

d'Musel eng Regioun ass, déi scho méi laang mat där ganzer Fro konfrontéiert ass an de Problem sech do vläicht e wéineg anescht stellt wéi an deene Regiounen, déi virun allem laanscht d'Uelzecht a laanscht d'Sauer leien.

Et bleift awer, Här President, dass ech d'Impressioun hunn, dass bei deene ville Mesuren, déi vu staatlecher a kommunaler Säit an deene leschten zéng Joer op de Wee bruecht gi sinn - an ech kenne praktesch kee Beispill wat sech net justifizéiert hätt, an éischt substanziell Resultater hu mer jo och gesi beim Héichwaasser vun dësem Januar -, et net awer heiansdo un enger globaler Strategie an deem Ganze feelt, an dass ech net gesinn ob, wat esou schéi genannt gëtt eng multisektoriell Konzeptioun, also d'Interaktioun tëschent eenzelne Politiken an eenzelne Beräicher ëmmer an iwwerall klappt.

D'Regierung hat virun e puer Joer en Dokument ausgeschafft, wat vum Conseil de Gouvernement ugeholl ginn ass, wat geheescht huet «Stratégie globale en matière de zones inondables», wou geschwat ginn ass vun enger «conception multisectorielle qui définit des principes visant une cohérence accrue des politiques sectorielles». Ech weess net, an et ass och dat u sech bësse meng Fro un den Innenminister, a wéi wäit déi Interaktioun an dat vernetzt Denken a Schaffen tëscht Stat, Gemengen an eenzelne Verwaltungen, wéi dat ëmmer an iwwerall klappt. Ech ginn Iech e Beispill. Jidderee vun eis weess, an ech hunn an engem Interview vum Innenminister dat och gelies, et soll een alles ënnerloossen, fir den Zoufloss vu Waasser a gefährdete Géigenden net nach ze förderen. Or, wa mer zum Beispill feststellen an enger Ausschreiwung vun den Travaux publics, wou et geet ëm Terrassementsaarbechten tëscht Schieren a Steeën, wou nees 4.000 Meter Drainage gemaach ginn!

Ech gesinn de Moment vill Plazen am Land, wou d'Bauverwaltung amgaang ass laanscht d'Stroosse Grief opzemaachen, Réier anzeleeën, Drainagen ze maachen, wou d'Waasser selbstverständlech vill méi schnell an déi méi déif geleeë Géigende bruecht gëtt, amplaz dass hei natierlech Ofleef an d'Wise gemaach ginn, wou d'Waasser kéint versickeren. Dat gesäit terribel gutt aus. Ech hu mer dat op e puer Plazen ugekuckt. Et gëtt awer just eng formidabel propper an anstänneg Aarbecht gemaach, mä ech stelle mer awer d'Fro, ob se net kontraproduktiv ass, well do gi wierklech grouss Waassermassen a méi déif geleeë Géigenden drainéiert, déi souwisou scho mam Problem ze doen hunn. Wat hëlleft also, wann en Duerf, eng Stad, wann déi allméiglech Mesuren huele géint d'Héichwaasser an op där anerer Säit hu mer eng Handhabung vun enger Verwaltung, déi drop ziilt fir d'Waasser méi schnell op déi Regiounen zouzekéieren? Ech denken, dass dat net ka sinn.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Ech géif ëm e bësse méi Opmierksamkeet bieden.

M. Lucien Weiler *(CSV), interpellateur.*- Et ass wierklech schwiereg ze schwätzen, wann ee seng eege Stëmm bal net héiert, well ze vill Gespréich am Sall ass.

***(Interruptions)***

Här Mehlen, mir wësse wéi spannend dass et heiansdo ka sinn, wann Dir hei op der Tribün sidd. Ech wëll ville Kolleegen dat heibannen erspueren.

Ech wollt also d'Fro stellen un den Innenminister, wéi et hei ass mat der Interaktioun, mat der Zesummenaarbecht tëscht eenzelne Verwaltungen, wann et ëm d'Konzeptioun vu Politike geet, déi vun deenen eenzelne Verwaltunge gemaach ginn, a wéi wäit hei d'Zesummenaarbecht fonctionnéiert. Wou ass d'Stëmm vum dem Héichwaasser an deenen eenzelne Beräicher, an deenen eenzelnen Domäner, wou verschidde Politiken développéiert ginn?

Här President, d'Zesummenaarbecht tëscht Stat a Gemengen, Aktionismus, laangen Otem, alles dat ass gesot ginn, mä virun allem stellt sech an där ganzer Problematik och d'Fro vun der Gemengenautonomie. Den Innenminister huet de Gemengen e Katalog zoukomme gelooss am Joer 2000, mat ronn 30 Mesuren déi kéinten ergraff ginn a kéinten utile sinn an eenzelne Situatioune fir Schutz ze bidde géint Héichwaasser. Ech stelle mer awer d'Fro, an ech wëll do kengem vun de Lokalpolitiker ze no trieden, ob net allze vill Gemengenautonomie grad just an dësem Beräich net kann eng Brems sinn, wann ee kuckt an der Praxis wéi et fonctionnéiert. Déi eng Gemenge gi virun, hunn eppes opzeweisen, hu geschafft. Anerer si vill méi lues virgaangen, aus Grënn wat hir eege sinn, beim politesche Wëllen ugefaang iwwert d'Finanzmëttelen eraus. Et si Gemengen, déi finanziell gutt gestallt sinn, déi hu bis elo ganz wéineg ënnerholl. Et si Gemengen déi finanziell net esou gutt dru sinn, déi hu ganz vill investéiert heiranner.

An ech muss Iech soen, dass hei eng gewëssen Ongerechtegkeet ass och par rapport zu de Bierger. Selbstverständlech huet jidder Bierger dee Schäffen- a Gemengerot, deen e sech dohinner gewielt huet, mä déi, déi d'Chance hunn an enger Gemeng ze wielen, wou bësse Gas gi gëtt, wou Courage an oft vill politesche Courage gebraucht gëtt, wéi zum Beispill an der Gemeng Ierpeldeng. Do war et net och ëmmer einfach fir de Schäfferot fir déi Mesuren, déi se geholl hunn, duerchzesetzen, mä si hu se duerchgesat a si hunn haut Resultater. An anere Gemenge kënnen d'Bierger haut net profitéiere vun deem Service. Verschidde Gemenge sinn ebe méi aktiv, ganz oft well se méi Geld hunn a méi Méiglechkeete fir eppes ze maachen. Et kënnt hei eng fundamental Ongerechtegkeet eraus, déi eng par rapport zu deenen aneren.

Vun deene Leit, déi 1993 am Héichwaasser mat Hab a mat Gutt ënnergaange sinn, gëtt et der ganz vill déi am Joer 2003 duerch punktuell Mesurë vun hire Schäffen- a Gemengeréit an der Zesummenaarbecht mam Stat keen Héichwaasser méi haten. Anerer, obschonns se, net duerch laangotmeg Mesuren mä duerch punktuell Mesuren, op eenzelne Plazen hätte kënne verschount bleiwen am Joer 2003, hunn awer no zéng Joer Experienz erëm dëst Joer am Héichwaasser gestanen. Do fannen ech, Här President, ass de Punkt ukomm, wou mer eis mussen iwwerleeën, ob mer esou kënne weider fueren. Zéng Joer hu mer elo geschafft. Op eenzelne Plaze gutt, op anere Plaze manner gutt, aus Grënn, déi ech genannt hunn. Déi eng Kéier déi eng Grënn, déi aner Kéier déi aner Grënn: politesche Wëllen, finanziell Mëttelen, an an an.

Ech stelle mer d'Fro: Dauert et nach eng Kéier zéng Joer op enger Rei vu Plaze bis dass déi punktuell Moossname geholl ginn - ech schwätzen elo mol nëmme vun deene punktuellen, net vun deene laangfristegen déi e laangen Otem brauchen -, déi villen eenzelne Bierger a ville Regiounen hëllefe kënnten? Musse mer eis do net en anere Wee an eng aner Strategie iwwerleeën? Ech weess, dass den Innenminister och an där heiter Fro mat vill Respekt vis-à-vis vun der Gemengenautonomie virgaangen ass. Ech sinn iwwerzeegt, dass vill Gemenge bereet wären hei op en Deel Autonomie ze verzichten, wa se incitéiert géifen a gehollef kriten, virun allem wann de finanziellen Aspekt géif besser klappen, an dat féiert mech zu der Fro vun de Finanzen. Ech hat se virdrun ugeschnidden.

De Stat leet 50% an enge Fäll bäi a 60 bis zu 80% bei de Pilotprojeten. Do fannen ech, dass de Stat e substanziellen Effort mécht. Et bleift awer, dass am Héichwaasserschutz alles, awer och alles wat ee mécht, fuerchtbar deier gëtt. A wann een emol higeet an et kuckt een déi Gemengen, déi effektiv Efforten hei gemaach hu fir eppes op de Wee ze bréngen, da gesäit een dass do Gemengen higinn, déi bis zu engem Fënneftel vun den Excédents vun hire Recettes ordinaires op Dépenses ordinaires hierginn. En fin de compte ass interessant fir eng Gemeng, dat wat iwwreg bleift, wann een déi normal Einnahmen an normal Ausgaben kuckt. Et ass jo dat woumadder Politik gemaach gëtt. Wann ee gesäit, dass Gemengen higinn an iwwer en Zäitraum vun zéng Joer bis zu engem Fënneftel investéieren eleng a Mesures anticrue fir Héichwaasserschutz ze maachen, dat ass enorm vill. Aner Gemenge brauchen dat net ze maachen. Aner Gemengen, déi net concernéiert si vum Problem, an anerer déi et net wëlle maachen, investéieren a positiv Aktiounen, a Servicer, déi se hire Bierger offréieren.

Hei ass och e Service. D'Leit si frou wa se keen Héichwaasser méi hunn. Mä et ass awer net déi Politik, déi virun allem e Buergermeeschter an e Schäfferot emol interesséiert, déi jo awer Intérêt drun hu fir hire Bierger e positive Service, wou de Bierger kann dovunner profitéieren, ze leeschten. Hei si Gemengen, déi während iwwer zéng Joer e groussen Deel vun hiren normale Recettë mussen zréckstellen an ouni de Bierger nei Servicer, nei Infrastrukturen ze leeschten, musse se higoen an de Problem vum Héichwaasser léisen.

An deementspriechend fannen ech, Här President, well mer et hei mat enger Fro ze dinn hu wat eng national Fro ass. Dat hei ass keng regional Fro. D'Waasser, ech wëll nëmmen ee Beispill erausgräifen, wat vun deem zoubëtonéierte Kierchbierg ofleeft an an d'Uelzecht an duerno an der Sauer lant, Här President, …

***(Interruption)***

Här Gira, Dir kritt jo elo gläich d'Wuert. Da kënnt Dir hei Är Strategie entwéckelen.

***(Interruption)***

Neen, ech ka vu menger Fraktioun Zäit eriwwer huelen. Dat ass kee Problem. Mir halen eis un d'Reglement.

Ech wëll Iech just soen, Här President, datt wann ee gesäit wéi eenzel Regioune mussen d'Waasser vun anere Regiounen entgéint huelen, déi, déi méi déif leien an déi an de gefährdete Gebidder sinn, mussen d'Waasser selbstverständlech vun do hierhuele wou et kënnt, esou datt ech soen, dat hei ass eng national Fro. Et ass eng national Responsabilitéit, déi spillt. Et si selbstverständlech Gemengen, déi concernéiert sinn, déi selwer Feeler gemaach hunn. Där ginn et, déi net opgepasst hunn an déi an Iwwerschwemmungsgebitter gebaut hunn. Déi musse selbstverständlech och en Deel vun där Responsabilitéit droen, mä et kann awer net sinn, datt déi Gemengen déi ganz Responsabilitéit an de ganze finanziellen Impakt mussen droen.

De Stat dréit säin Deel. An ech fannen do dernieft sollen déi eenzel Gemengen, déi am schlëmmste concernéiert sinn, selbstverständlech, och well se Feeler zum Deel gemaach hunn, e Pourcentage droen. Mä da bleift awer och en anere Prozentsaz. Deen, fannen ech, misst vun de Gemengen am Kader vun enger Solidaritéitsaktioun kënne gedroe ginn. Et kann net sinn, datt déi Gemengen, déi en fin de compte mussen d'Waasser entgéint huelen, dat kënnt jo net nëmme vun hinnen an et kënnt net nëmme vun hire Feeler, mä et kënnt vun iwwerall am Land hier, datt mer hei missten e bësse méi solidaresch ënnert de Gemenge virgoen. Ech géif mer wënschen, de President vum SYVICOL ass leider net hei, datt en emol géif am SYVICOL eng Diskussioun ustoussen, fir iwwert déi Fro vum Finanzement ze diskutéieren.

Ech hu gëschter hei ganz genee nogelauschtert wéi iwwert d'Fro vum Enseignement musical an dem Finanzement dovunner diskutéiert ginn ass a wou d'Fro komm ass, ob Obligatioun oder fakultativ. Mission facultative, mission obligatoire. Ech soen Iech hei, d'Fro vum Héichwaasser ass weder eng Mission facultative nach eng Mission obligatoire, mä et ass eng Mission facultative-obligatoire. Dir gitt net forcéiert vum Stat fir eppes ze maachen, mä Dir sidd awer forcéiert opgrond vun de Besoinen an den Noutwendegkeeten an deem wat den Intérêt vum Bierger ass fir eppes ze ënnerhuelen. A well mer et hei ze doen hu mat Obligatiounen, déi zwar net de Gemenge vum Stat imposéiert ginn, mä déi sech par la force des choses, fir dem Bierger de Service ze maachen, datt en net mat Hab a Gutt am Waasser steet, fannen ech datt et eng Fro ass, wou de Stat säin Deel vum Finanzement an engem anstännege Mooss iwwerhëlt, mä datt deen aneren Deel vum Finanzement net eleng kann op deene Gemenge leien, déi nun eben emol concernéiert sinn.

Vill aner Gemengen hei am Land si jo net mam Problem vum Héichwaasser betraff, déi awer duerch de Fait eleng vun der Topographie a vun dem Agencement wéi se leien awer och dozou bäidroen, datt aner Gemenge musse mat där Fro eens ginn. Dofir fannen ech, datt de SYVICOL sollt hei an enger Solidaritéitsaktioun versichen an enger Diskussioun zesummen, an ech géif den Innenminister bieden de SYVICOL ze encouragéieren esou eng Approche ze wielen, well wann hei Gemengen iwwer zéng Joer esou Efforte musse maachen an aner Gemenge brauchen dat net ze maachen, dann ass et eng Fro vun elementaarster Gerechtegkeet an et kann een déi heite Fro vun dësem Finanzement net vergläiche mat anere Froen.

***(Interruption)***

Neen, et kann ee se net vergläichen. Ech hunn d'Beispill vum Enseignement musical geholl. Dat si jo och zum Deel fakultativ Missiounen, déi eng Gemeng sech nun eben emol operleet. Wa se dat wëllt maachen, da muss se och kucke wéi se eens ginn.

Bei den obligatoresche Missiounen ass et um Stat. Selbstverständlech wann en de Gemengen obligatoresch nei Missioune gëtt, muss de Stat och kucken, an Diskussioune mat de Gemengen, wéi d'Finanzéierung dovunner ka garantéiert sinn.

Mä wéi gesot, well et hei eng Missioun ass, déi e bëssen aus dem Oridinaire erausgeet, fannen ech einfach, datt d'Solidaritéit ënnert de Gemengen hei kënnt villes maachen an eng Diskussioun am Kader vum SYVICOL, an ech wäert dem President vum SYVICOL, wann e kënnt, soen, datt ech mer géif virstellen, datt een esou am SYVICOL dat dote soll approchéieren, fir e bësse méi Solidaritéit hei ze kréien.

Här President, ech gesinn, ech kréien awer Schwieregkeete mat der Zäit. Dofir wëll ech just nach zwou Froen uschneiden.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- Ënnerloosst dach déi Bemierkungen. Dat ass d'Saach nëmmen an d'Längt gezunn. Et kënnt jo näischt dobäi eraus.

M. Lucien Weiler *(CSV), interpellateur.*- Här President, ech froen datt déi Zäit net ugerechent gëtt. Ech wëll Iech just soen, Här Gira, meng Fraktioun huet, mengen ech, 49 Minutten Zäit. Wa meng Fraktioun mir déi 49 Minutte gëtt, dann hunn ech déi. Mä dann haalt Dir Iech, Här Gira, emol eraus aus der interner Organisatioun vun der CSV a vun eiser Zäit.

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Also, ech géif ëm Är Opmierksamkeet bieden. Kolleegen, dat bréngt jo näischt fir dauernd een ze ënnerbriechen. Éischtens ass et net héiflech dem Riedner vis-à-vis. Wann Dir selwer eng Ried haalt, dann ass jidderee frou wann déi aner nolauschteren, an zweetens, mengen ech, gëtt et och en Duercherneen. Et gëtt jo kee Mënsch méi klug draus, ëm wat et iwwerhaapt geet wann dauernd ënnerbrach gëtt. Déi Leit, déi nokucken, hunn d'Gefill datt se heiansdo engem Kindergarten géifen nokucken. Ech mengen, eng Chamber, déi Gesetzer soll maachen an déi wichteg Problemer vum Land diskutéieren, déi soll e gewëssene Sérieux un den Dag leeën.

Ech géif Iech wierklech bieden, Kolleegen a Kolleeginnen, nozelauschteren, de Riedner fäerdeg schwätzen ze loossen, a jiddereen, deen agedroen ass, kritt jo d'Méiglechkeet dat wat hien ze soen huet och ze soen.

M. Lucien Weiler *(CSV), interpellateur.*- Här President, ech wëll uschléissend un dat wat Der gesot hutt soen, datt déi dausende Leit, déi am Januar dëst Joer mam Problem vum Héichwaasser konfrontéiert waren, sech d'Debatt hei ukucken, wéi duerchernee geschwat gëtt an e Riedner hei op der Tribün net normal kann entwéckele wat en als Iddien huet. Jidderee ka jo hei eropkommen a seng Meenung soen. Déi Leit wëssen dat net ze appréciéieren an déi wäerten och gesinn op wéi engen Ecker hei déi sinn, déi permanent ënnerbriechen an net erlaben, datt een hei seng Iddie kann normal duerstellen. Ech fannen et einfach net an der Rei.

Hei geet et ëm en extrem grave Problem, wou Leit mat Hab a mat Gutt konfrontéiert sinn, an da gëtt ee permanent a senger Ried hei ënnerbrach mat dommen Zwëschebemierkungen. Här President, ech erlabe mer deen Term, well där si vun dëser Säit komm. Ech wëll hei meng Ried kënnen a Rou an anstänneg zu Enn féieren, an ech géif bieden datt ech déi Zäit, wou ech elo déi ganzen Zäit hei ënnerbrach gi sinn, zegutt geschriwwe kréien.

M. le Président.- Also, Dir kritt se, awer fuert elo wieder, an déi aner sollen nolauschteren.

M. Lucien Weiler *(CSV), interpellateur.*- Här President, ech hunn also hei en Appel gemaach wat d'Finanzéierung ubelaangt, well dat eng wichteg an eng seriö Fro ass, an déi Gemengen déi concernéiert sinn an déi während zéng Joer ganz grouss Efforte gemaach hunn, vill Projeten an Infrastrukturen zréckgestallt hunn, well se forcéiert ware fir hei ganz substanziell Efforten ze maachen, datt et hei bei der Finanzéierungsfro e bësse méi Solidaritéit misst ginn an och kënnt ginn, an ech sinn och iwwerzeegt, wann am SYVICOL esou eng Fro ënnert der Tutelle vum Innenminister géif richteg abordéiert ginn, datt een hei kënnt Léisunge fannen. Et bräicht net enorm vill ze sinn. Wann een aus dem Fonds de dotation communal e klenge Prozentsaz géif erausbriechen, dee kenger Gemeng u sech ënnert dem Stréch géif en fin de compte wéi doen, woumadder ee kënnt deene Gemengen hëllefen, déi am schlëmmste betraff sinn an an deene sensibelste Regioune leien, dann, mengen ech, hätte mer eppes Konkretes fäerdeg bruecht.

Ech wollt, Här President, nach zum Schluss zwou Froe stelle wat de Staudamm vun Esch-Sauer ubelaangt. Mir kenne seng Missiounen, d'Drénkwaasserversuergung, d'Regulatioun vum Waasserstand an d'Stroumproduktioun. Just wat d'Regulatioun ubelaangt. Mir wëssen, datt mer 1993 Problemer haten. Esou wäit wéi ech weess sinn duerno bei deenen Héichwaasser, déi mer haten, ni méi Problemer opgetaucht. Ech géif awer gär wëssen, Här President, vum zoustännege Minister, no wéi enge Virschréften an no wéi enge Regelen haut bei der Staumauer verfuer gëtt. Wien assuréiert d'Gestioun do? Wie kuckt wéi héich zu wéi engem Moment den Niveau vun dem Waasser am Stau ass, fir datt mer, wann e Problem sech stellt a mir missten d'Capacitéite fir Waasser zréckzehalen hunn, wien ass zoustänneg? Wéi fonctionnéiert dat? Gëtt dat all Joer a vu Saison zu Saison nei gekuckt?

Ech wëll och wëssen: Wien ass zoustänneg fir d'Sécherheet bei der Staumauer? Ech mengen, et sinn eppes méi wéi zéng Joer hier wou mer déi Stabiliséierungsaarbechten un der Staumauer gemaach hunn. Gëtt déi periodesch kontrolléiert? Gëtt déi iwwerwaacht? Ech denken net, datt e Problem vun engem Accident géif bestoen. Ech sinn zimlech sécher, datt dat ganz improbabel ass, mä et muss een awer hei permanent de Contrôle maachen an et ass fir d'Leit och gutt ze wëssen, datt dee Contrôle vun der Sécherheet vun dem Stau fonctionnéiert.

Ee Wuert nach wat d'Stroumproduktioun ubelaangt. Am Kader vun der Privatisatioun vun deenen hydroelektreschen Zentralen ass jo déi Stroumproduktioun, déi zu Esch-Sauer gemaach gëtt an déi jo ganz minimal ass - dat si ronn 0,5% vun der Consommatioun vun eise Besoinen, déi do hiergestallt ginn -, a Privathänn iwwergaangen. Deementsprechend a wann ee weess, datt de Waasserstand am Stau op der enger Säit jo e gewëssen Niveau muss hunn, fir datt hie seng Régulatiounsfunktioun ka maachen, an op der anerer Säit awer och e gewëssen Niveau muss hu wéinst der Stroumproduktioun, da stellen ech mer d'Fro, ob et net ka sinn dass hei en Interessekonflikt kënnt, wa mer elo eng privat Exploitatioun hei hunn, déi Intérêt huet dass fir d'Stroumproduktioun den Niveau vum Waasser op engem gewëssen Niveau ass, währenddeems d'Régulatiounsfunktioun vum Stau awer géif gegebenenfalls en aneren Niveau commandéieren.

Duerfir speziell d'Fro, well ech mengen, dass an där ganzer Exploitatioun och der Stroumexploitatioun kee Kommodo besteet: No wéi enge Kritäre funktionéiert dat doten? Wien huet do d'Soe wéi den Niveau vum Stau ass? Sinn et staatlech Stellen, déi no der Régulatiounsfunktioun kucke fir dass den Niveau gehale gëtt oder spillen och hei déi privat Intérête vun deem deen haut de Bedreiwer ass vun der Exploitatioun mat eran?

Här President, dat waren zum Schluss zwou, dräi konkret Froen, déi ech un den Innenminister stelle wollt. Ech wëll just ofschléissend soen, dass ech ënnert dem Stréch fannen, dass an zéng Joer vill geschitt ass, dass de Stat, d'Regierung an eenzel Gemengen extrem vill opzeweisen hunn, dass awer e ganze Koup Saachen ze maache bleiwen, an datt virun allem e ganze Koup punktuell Mesuren, déi keng zéng Joer brauchen, kënnen op d'Schinn bruecht ginn, an dass et net méi nach eng Kéier zéng Joer dauert bis och op anere Plaze vum Land, esou wéi et schonn op ville Plazen de Moment fonctionnéiert a gutt fonctionnéiert, d'Bierger dovunner profitéiere kënnen.

Ech géif den Innenminister bieden hei eng Kéier eng concertéiert Aktioun och mat deene Gemengen, wou mer nach Problemer hunn a wou mer déi gréisste Problemer hunn, ze ënnerhuelen, fir dass mer dat wat mer am Joer 2003 erlieft hunn net am Joer 2013 nach eng Kéier erliewe mussen. Mir sollen eis nach ee Moment Zäit ginn, mä mir sollen awer och Gas gi wat déi punktuell Mesuren ubelaangt. Wat déi méi laangotmeg Mesuren ubelaangt, do géif ech d'Regierung bieden zesumme mat de Gemengen op deem Wee, dee beschratt ass an deen och gutt leeft, wann ee gesäit wat alles geschitt ass, weiderzefueren. Mä, wéi gesot, an deene punktuelle Mesuren hätt ech gären a wär ech frou, wann dës Diskussioun kënnt dozou bäidroen, dass mer do e bësselche méi schnell weiderkéimen.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all Katastroph ass mediewierksam. D'Héichwaasser ass eng Katastroph an et gëtt kaum eng Katastroph, déi méi mediewierksam ass wéi d'Héichwaasser. Wann een op der Musel wunnt a wann een op der Sauer wunnt op bestëmmte Plazen, da stellt ee fest, datt regelrecht Pilgerzich vu Leit sech a Richtung Sauer a Musel entwéckelen, fir ze kucke wéi grouss dass d'Waasser ass a bis wouhinner et dann an den eenzelnen Haiser an Uertschafte steet. Dat mécht vill Leit ganz béis.

D'Wourecht, d'Wierklechkeet ass, datt all Héichwaasser Schued a vill Misär uriicht. Ech hunn emol e puer Punkten opgezielt. Éischtens kascht all Héichwaasser Geld a wat et méi héich kënnt, wat et méi deier kascht fir d'Schied ze reparéieren. Haiser musse frësch gemaach ginn a Miwwele mussen nei kaaft ginn. Ech hu beim leschten Héichwaasser emol mat engem Geschäftsmann de Bilan gemaach. 1993 hat hien e Schued vu sechs Milliounen, deen hien huet missen an d'Rei bréngen, an dës Kéier hat hien nees en héije Schued, zwar vun e puer Millioune manner, mä trotzdeem. Dat dote war elo bei engem Haus, net ze schwätze vun all deenen anere Leit, vun deene ville Privatleit, déi och am Waasser gesiess hunn.

Zweetens hannerléisst d'Héichwaasser an enger Wunneng ëmmer fiicht a ganz ongesond Raimlechkeeten a schiedegt ganz oft op laang Zäit d'Liewensqualitéit vun de Leit, déi dra wunne mussen, déi keng Alternativ hunn. Do ginn et Kanner, déi einfach krank ginn a krank bleiwe während enger ganzer Zäit, well se mussen an där Wunneng bleiwen.

Drëttens huet eng Entreprise, e Geschäft, e Restaurant oder en Handwierksbetrib duerch d'Héichwaasser ëmmer Aboussen am Revenu an an de Recetten an duerno och Aboussen an der Produktioun. Dat gëllt fir vill Handwierksbetriber.

Véiertens, an dat gëtt ëmmer vergiess, ass eng Iwwerschwemmung ëmmer eng psychesch Belaaschtung fir déi Betraffen. Dat gëtt wierklech ënnerschat, wa Leit do sëtzen an engem Haus a si gesinn d'Waasser kommen a si wëssen net wou et ophält. Si wësse just eent, et kënnt, an doduerch datt et kënnt geet mäin Haus zu engem gudden Deel futti. An deem doten Émfeld muss een och vun der psychescher a vun der physescher Belaaschtung fir d'Servicer vum Stat a vun de Gemenge schwätzen wéi fir d'Servicer vun den Hëllefsorganistiounen, vun der Protection civile a vun de Pompjeeën, déi bei esou Geleeënheete bis un d'Grenze vun hirer Leeschtungsfäegkeet gedréckt ginn.

Ech muss hei och onbedéngt de Wäert vum Volontariat ënnersträichen an e Merci un déi vill Fräiwëlleg riichten, déi dat emol ganz oft net esou unerkannt kréien, weder vun de Gemengen, nach vum Stat, nach souguer vun deene Leit, deene se hëllefen. An zwee Deeg hate mir zu Iechternach méi wéi honnert Leit, déi ronderëm d'Auer geschafft hunn. D'Solidaritéit war grouss. An dësem Kontext muss een och d'Fro stelle wéi et mam gudden Equipement vun deene Servicer steet. Och deen Equipement kascht ganz vill Geld an e muss do sinn, och wann en eventuell nëmmen all zéng Joer oder vläicht nëmmen eemol an honnert Joer erëm agesat gi sollt oder muss.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 1993 hate mer en Héichwaasser, dat war e Jorhonnerthéichwaasser. Mir hunn eis referéiert op 1918 bei der Sauer an 1947 hate mer dat lescht grousst Héichwaasser un der Musel. Dat Jorhonnerthéichwaasser ass e Joer méi spéit nees komm, bal an derselwechter Héicht, an 2003 war et méi héich wéi 1993. Et ginn do dertëschent nach eenzel Perioden, eenzel Joren, wou et op bestëmmte Plaze méi…

***(Interruption)***

Dat stëmmt. Dir hutt Är Perspektiv.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- Fuert virun, Här Scheuer, an Dir sollt den Här Scheuer net ënnerbriechen. All déi, déi hei ënnerbriechen, si jo agedroen. Dir kënnt jo dat soe wat Dir ze soen hutt, wann Dir hei beim Pult stitt.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Just do, wou mir hierkommen, Här Clement, op der Musel, ass d'Héichwaasser e bëssen als eng Fatalitéit opgeholl ginn. Mir hunn drop gewaart, datt et kéim. Jiddferee wosst, datt et kéim, a jiddferee wosst wat hien ze maachen hätt, wann et géif kommen. Als Musterbeispill kann ee Réimech zitéieren, wou d'Leit sech bis haut dorop exemplaresch agestallt hunn.

No 1993 huet de Stat reagéiert, d'Gemengen hu reagéiert an déi betraffe Leit hu reagéiert. An zwar ass reagéiert ginn op dräi Niveauen. Éischtens um Niveau vum Héichwaasserschutz. Zweetens um Niveau vun de finanziellen Hëllefen, déi de Stat verdeelt huet un d'Gemengen, un d'Privatleit an och un d'Betriber. Den drëtten Niveau ass den Niveau vun der Préalerte. Mir hu reagéiert. Mir hu munches gemaach an ech wëll och emol e bëssen zitéieren aus deem Bilan, dee gezu ginn ass, vun der Protection civile, dem Innenministère also.

Vun 1993 u bis haut, mengen ech, si ronn 30 Milliounen Euro investéiert ginn. Dat ass enorm! Déi 30 Milliounen Euro sinn investéiert gi fir Feeler ze reparéieren, déi gemaach gi sinn, awer net nëmmen. Ech kommen nach eng Kéier dorop zréck. Mir hunn zum Beispill e Fréiwarnsystem geschaf fir 1,5 Milliounen Euro. Um Niveau vum Aménagement du territoire sinn Héichwaasserzone geschafe ginn, sougenannt Zones inondables, déi d'Gemengen an hir PAGen agedroen hunn. Dat ass eng gutt Saach an ech ginn dovunner aus, datt d'Gemengen dat och alleguerte respektéieren, an datt an d'Partie écrite vun deenen neie PAGen déi Contrainten dann agebaut ginn, déi zum Beispill besti wann ee Baulücken zoubaut, well dat muss jo och geschéien.

Ech weess awer och, datt d'Gemenge konfrontéiert si mat deem Problem vun der Indemniséierung, doduerch datt Terrainen einfach entwäert gi sinn. Ech weess net, ob Prozesser gefouert gi sinn. Si Prozesser gefouert ginn?

***(Interruption)***

Jo, mä mir haten ze doe mat enger ganz klorer Dévaloriséierung vun Terrainen. Den 18. November 2002 hunn dann den Innenminister Michel Wolter an d'Ëmweltministesch vu Rheinland-Pfalz e gemeinsame Projet am Beräich vun der Musel virgestallt. Och dat ass eng gutt Saach an am Joer 2002 ass dann - et ass en herrlechen Numm - en interaktiven Atlas virgestallt ginn.

Ech hunn dat net richteg verstanen, mä dat ass e Gefahrenatlas oder e Gefährdungsatlas, dee sech op néng Flëss a Baache bezitt, an zwar sinn dat d'Anzugsgebitter vun der Musel, vun der Saar a vun der Sauer. Do läit och bezeechnenderweis d'Uelzecht an d'Atert dran, d'Musel, d'Our, d'Sauer an zum Beispill och d'Prüm, déi eng wesentlech Roll spillt wat d'Cruë vun der Sauer ugeet, an d'Our natierlech och. Dat Ganzt kascht 2 Milliounen Euro. Dat ass eng gutt Saach.

Déi Interaktivitéit muss permanent iwwerpréift ginn. No engem Héichwaasser wéi deem heiten ass se anescht wéi se virdru war. Dat heescht et misst een am Fong eng permanent Mise à jour vun deem interaktiven Atlas an d'Wee leeden an ech hoffen an ech mengen och, datt dat geschitt.

Parallell dozou sinn dann Aarbechten um Terrain gemaach ginn am Uelzechtdall, dat ass bekannt, och am Sauerdall um Lëtzebuerger Terrain. Bezeechnenderweis ass just um Lëtzebuerger Terrain vill geschitt, well et méi einfach war, well och bei verschiddene Gemengen d'Bereetschaft do war an den Drock och vu baussen, fir eppes ze maachen. Dat gëllt fir Walfer-Steesel, fir Ettelbréck, an dat gëllt och fir den Dikrecher Raum. Deen Drock war esou grouss an d'Moyene waren och do fir et ze maachen. D'Technik war och gi fir anzegräifen an direkt effikass ze ginn.

Ech soen lech dann de finanziellen Impakt op eng Stad wéi Iechternach vun deem Catalogue anticrue, deen opgestallt ginn ass am Joer 1998. Deen ass 1998 fir 500 Milliounen entworf ginn. Deemools ass gesot ginn, d'Iechternacher Gemeng misst 100 Millioune bäileeën. Kuckt wat dat fir een Impakt op d'Gemengefinanzen huet, wann een dann och nach muss de Prefinanzement maachen. Dat kënnt jo nach dobäi. Et ass net fir ze soen, dat géif een esou aus den Äerm rësele finanziell, ofgesinn nach vun deene villen technesche Problemer déi et opwerft a vun der Betreiung déi eng Gemeng esou engem Projet muss zoukomme loossen. Do ass munches gemaach ginn, wat x-mol beschriwwe ginn ass: Mauer, Damm, Renaturéierung. Déi Aarbechten hunn eppes bruecht a si ginn och weider gefouert no Pläng.

Den Här Weiler huet eng Interpellatioun ugekënnegt an eng Interpellatioun gemaach. Ech war komplett iwwerrascht. Ech hunn och net de richtege Sënn vun dem Terrm „Interpellatioun" aus sengen Ausféierunge kënnen héieren. Fir mech ass eng Interpellatioun ëmmer eng Kritik un der Regierung. Eng Interpellatioun ass ëmmer den Ausdrock vu Mësstrauen, Mësstraue vis-à-vis vun enger Regierung. Wann dat Mësstraue vis-à-vis vun der Regierung esou grouss ass beim Här Weiler, dann ass den Här Innenminister elo wahrscheinlech frou, well ech sinn net fäerdeg gi fir en ze luewen. Do hu mer also d'Rolle getosch, wat awer net heescht, datt ech seng Interpellatioun vu gëschter appréciéieren. Ech sinn awer absolut fair genuch fir dat unzëerkennen, wat gemaach ginn ass. Mir sëtzen am selwechte Waasser zesummen. Et huet och funktionéiert.

Den Här Weiler huet wahrscheinlech…

***(Brouhaha général)***

…preventiv eng Interpellatioun aus engem Acte de complaisance gemaach. Hien hätt et och kënnen Débat d'orientation nennen, mä en huet als President vun der gréisster Fraktioun awer, mengen ech, zu deem rabiatste parlamentaresche Mëttel gegraff, wat et gëtt, an en huet doraus awer e Fréijoerswand gemaach, deen de Minister bestëmmt.

M. le Président.- Kee rabiat, mä en demokratescht Mëttel.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- E rabiat demokratescht Mëttel. Jo.

M. le Président.- All Deputéierten huet d'Recht hei seng Meenung ze soen iwwer e Sujet, deen e mengt, dee wichteg wier.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Et geet jo drëm, wéi ee seng Meenung seet. Ech hu fonnt den Här Weiler hätt den Toun vun der Interpellatioun net fonnt.

Ech ginn dem Här Weiler Recht, vill Froe sinn net geléist. Munnech Froe bleiwen ze léisen an eent steet fest, an dat huet den Här Weiler richteg gesot an et gëtt ëmmer nees betount, den absolute Schutz gëtt et net. A wann am Joer 2003 d'Sauer zéng Zentimeter méi héich gewiescht wär, da wär zu Angelduerf d'Waasser eragelaf an da wier alles fir d'Kaz gewiescht. A wann d'Waasser zéng Zentimeter zu Iechternach méi héich gewiescht wär, da wär e ganze Quartier regelrecht ersoff an dat mat enger Héicht vun 30, 40 Zentimeter méi héich wéi dat am Joer 1993 de Fall war. Ergo, d'Jorhonnerthéichwaasser vun 1993 hat e Plus. Dat war eng Kant vun 30 Zentimeter, an déi ka bei deem nächste Waasser schonn net méi duergoen.

1995 huet d'Regierung Prinzipie festgehale wat d'Investissementer betrëfft. Déi Prinzipie stinn an enger Deklaratioun, déi d'Regierung eraus ginn huet. Do steet dran: „Les mesures techniques de protection contre les crues ne sont pas bon marché. La sécurité supplémentaire ainsi obtenue doit justifier les sommes investies. Le bénéfice pour la collectivité nationale doit être maximisé." Dozou muss ee stoen, dat ass e gudde Prinzip. Et investéiert een net fir ze investéieren, mä et investéiert ee fir e Rendement ze hunn. Duerch déi Investissementer muss eng Plusvalue fir d'Leit eraus kommen a souguer eng Plus-value économique. Dee Prinzip ass bäibehale ginn an dee gëtt och esou vum Minister exécutéiert, an och vun de Gemengen.

Den zweete Prinzip vun 1995 heescht: „Ralentir et atténuer l'écoulement". Dat ass e Punkt, wou ech mech wëll e bëssen dobäi ophalen. Preventiounsaarbecht leeschten duerch Agrëffer an déi bestehend Landschaft. Do gëtt et vill Méiglechkeeten: Verbreedung vu Flossbetter, Schafe vu Wanterbetter, d'Versigelung vu Buedem verhënneren, ënnerbannen, Uplanze vun de Flosslandschaften, wat zu enger ekologescher Beräicherung vun der Fauna a Flora féiert. Do touchéiere mer dann de Beräich vun der Landesplanung. Heizou wëll ech e puer Froen opwerfen. Et sinn och schonn Zones de rétention ugeluecht ginn. An eng Zone de rétention uleeën, dat heescht fir d'éischt Terraine kafen, zweetens Terrainen ausbaggeren, drëttens Terrainen aménagéieren, réaménagéieren, véiertens Buedem verschaffen oder Buedem verkafen, oder en iergendwou ënner Daach bréngen, mä dat si meeschtens enorm Quantitéiten.

Meng Fro: Wien ass zoustänneg fir déi Terrainen opzekafen? Äntwert: D'Gemengen. Ganz bestëmmt. Et ass kee Problem fir e Buergermeeschter oder eng Gemeng op hirem Territoire Terrainen opzekafen, mä de Problem geet un, wann ee muss ausserhalb vun de Limitë vun der Gemeng opkafen, an zwar Terrainen, déi fir déi aner Gemeng, déi vläicht och Héichwaasser huet, näischt bréngen. Wat huet d'Gemeng Iechternach dovun, wa mir ënnerhalb vun Iechternach eppes ausbaggeren, wourop déi Rousporter awer ugewise sinn? Oder

wat huet d'Gemeng Bäerdrëf dovun, wann do ausgebaggert gëtt fir dass d'Gemeng Iechternach dovu profitéiert. An anere Wierder, hei ass eng Denkaarbecht gefuerdert. Beispill Walfer-Steesel. Déi zwou Gemengen haten déiselwecht Intérêten. An ech wëll et elo e bësse méi komplizéiert maachen. Dat gëllt fir de Musel- a fir de Sauerdall, wou Condominium besteet. Musel a Sauer gi géréiert vu Rheinland-Pfalz a vu Lëtzebuerg. Iechternach wär zum Beispill gehollef, wann op der däitscher Säit Retentiounsvolume geschafe géif ginn, a praktesch nëmmen op der däitscher Säit.

Et ass Denkaarbecht verlaangt, Décisioune si verlaangt. Waasserbëlleg als Beispill, Waasserbëlleg wat jo ëmmer Schwieregkeeten huet. Op der däitscher Säit gëtt elo gebaut, an déi Waasserbëlleger waarden drop, datt si d'Waasser méi héich kréien. Mä ech kann awer och soen, Waasserbëlleg wär geschützt, wann uewerhalb vu Waasserbëlleg eng aner Gemeng, Mompech zum Beispill, Terraine géing zur Verfügung stellen an déi Bëlleger Gemeng missten déi da kafen. Problematesch, äusserst problematesch, an et soll een net de Kapp an de Sand strecken a maache wéi wann de Problem net géif bestoen. Et ass eng regional Problematik.

An dann eppes aneschters, fir ze weise wéi vernetzt ee kucke muss. De Buedem, dee vun den Uwenner geholl gëtt, dee keen Dreck ass mä héichwäerteg ass, och do muss ee sech intelligent Léisungen afale loosse fir déi Millioune Kubikmeter, déi ufalen, wann een et gutt mécht, fir déi ze verschaffen an net ze verschafen. Dat ee Wuert mat zwee ff an dat anert Wuert mat engem f. Buedem ass en Element mat deem Eiser Här Aménagement du territoire gemaach huet.

Zweet Remarque an deem Kontext: All Katastroph muss e Plang déclenchéieren. D'Koordinatioun vun deem Kriseplang gëtt vun der Protection civile gemaach. Dee Kriseplang huet dann och eng national Envergure. Mä de Krisemanagement um regionale Plang ass net opgestallt. Och dat hu mer esou no 1993,1994 komme gelooss. Et ass eng Viraarbecht amgaang bei de Pompjeeën. Jidderferee kuckt do, fir seng Zopp ze kachen, esou wéi se op sengem Feier am beschte waarm gëtt a wéi ee se och am beschten iesse kann herno. Ech froen eng Systematiséierung vun deene Krisepläng an ech froen eng Autorité de tutelle, ob dat d'Pompjeesfederatioun ass, déi dann de Kanton patronéiert a chaperonéiert, oder ob dat op enger anerer Plaz am Innenministère geschitt, oder d'Protection civile, fir dass eng Kohärenz tëschent deene Krisepläng entsteet.

Ech froen no enger Systematiséierung an no enger Harmoniséierung vun deene Pläng. Dozou gehéiert natierlech och d'Préalerte. Préalerte gëtt ëmmer falsch verstanen. Préalerte heescht net de Knäppchen drécken an da geet eng Sireen. Dat ass falsch. Préalerte an dësem Kontext heescht Prévisioun vun deem wat komme kann, an do si mer nach ganz schwaach op der Broscht. De System, deen en place gesat gëtt, deen huet en herrlechen Numm: de System ELVIS.

Et ass den ELVIS. Do gëtt geschafft, et ass vill ze verbesseren, mä jiddferee weess datt d'Prognose schwiereg sinn, an eréischt wann dat klappt, dann huet een och d'Leit sécuriséiert, da sinn d'Leit och bereet op aner Weeër matzegoen.

Da kommen nach e puer punktuell Problemer an dann halen ech op. Ech kënnt nach stonnelaang schwätzen. Dat ass de leidege Problem vum Ausbaggere vun der Sauer. Wa bis eng Kéier an enger Etüd drasteet, datt duerch d'regelméissegt ausbaggere vun engem Floss eng Crue ëm 20 cm géif méi niddereg ginn, dann ass dat geschriwwen. Da kritt een de Konflikt tëschent Ekologie an Ekonomie am wäitste Sënn vum Wuert an dann ass d'Fuerderung do vun de Leit, mä baggert dach aus, gitt dach hannert déi, déi soss ëmmer ausgebaggert hunn. Wann dat näischt bréngt, da muss klipp a kloer dat gesot ginn an da mussen déi Büroen, déi dat geschriwwen hunn, bewise kréien, datt se sech gëiert hunn. Esou laang bleift déi Demande bestoen, an esou laang wäerten d'Gemengen, déi betraff sinn, dat och verlaangen.

Punktuell dann nach ee Problem: Rouspert-Barrage. Net méi spéit wéi gëschter huet de President e Pabeier entgéint geholl vun der Biergerinitiativ vu Rouspert, an dat ass e Pabeier, deen ass technesch aussergewéinlech gutt opgebaut, excellent Raisonnementer dran, an et ass bewisen, soe si, datt d'Ausbaggere vum deem Stau zu Rouspert, fir Rouspert a fir Steenem vill géif bréngen, an datt et géif vill verhënneren.

***(Interruptions)***

Natierlech hunn ech et gelies, Här Minister. Ech ech liesen Iech dat vir. Dir gitt mer jo Zäit. Dir wäert jo intervenéieren hei uewen. Wann do Zentimeter dra sinn, soen ech Iech se. Dat ass och net esou wichteg. Vill ass ëmmer dat, wat de Leit e bëssche méi Schutz gëtt. Bei deem engen ass et anescht wéi bei deem aneren. Fait ass, datt 1968 dee Stau gemaach ginn ass, Fait ass, datt 43 Joer duerno, nodeem e vollgelaf ass, nach ëmmer net déi Mesures d'entretien geholl gi sinn, a Fait ass, datt dee Stau zou ass. Deen ass verlandet, versandet an de Waasseroflaf ass bäi wäitem net méi deen, deen e soll sinn. A si bieden, an dowéinst ass déi Petitioun erakomm, den héchste Mann an der Chamber, de Chamberspresident, datt e sech asetzt fir dräi Milliounen Euro an de Budget ze setzen, respektiv véier Milliounen Euro als Sécherheet, fir dann dee Schutz vun deenen dräi Uertschafte Rouspert, Steenem an Iechternach ze maachen.

Also, do steet eng Schold op. Dat interdisziplinarescht Denken huet net geklappt an deem dote Fall. Do ass ee Ministère zoustänneg, deen dat net gemaach huet.

Da kommen ech op eng Demande zréck, wou wahrscheinlech de Minister sech schuddert, mä déi taucht ëmmer nees op. Dat ass d'Demande fir e Krisefong ze maachen, en Héichwaasserfong ze schafe fir d'Leit ze indemniséieren. Dat ass eppes aneschters wéi dat wat den Här Weiler gefrot huet. Dat ass ouni Zweifel problematesch, mä wichteg ass, an ech schléisse mech där Iddi un, datt eng Solidaritéit um Niveau vun de Finanze geschaaft gëtt. A wann elo een erausgeet hei an dee seet, ma d'Gemenge si selwer Schold datt esou vill Wunnengen iwwerschwemmt waren, well se falsch Baugenehmegungen erausginn hunn, dann ass dat an esou ville Fäll falsch.

Laanscht d'Sauer erof, laanscht d'Musel erof ass et falsch. Ech weess net wéi et am Beräich vun der Uelzecht ausgesäit, mä ech hunn eng Kaart matbruecht vun Iechternach, an ech wäert dem President se ginn, fir Iech ze weise wat fir e Beräich vun Iechternach, vun der aler Stad, wou keen Haus bäigebaut ginn ass, wat net bestanen huet, iwwerschwemmt ass. Dat ass d'Halschent vun der aler Stad, déi am Rez-de-chaussée iwwerschwemmt ass, vun de Kelleren net ze schwätzen.

Do ass kee Feeler geschitt an do huet dee Begréff Solidarité nationale e Sënn, well dat just ebe keng hausmaacher Katastroph ass, déi iergendeen aus deem Raum verschélt hätt.

Dat féiert mech dann zréck op Rouspert nees, wou och déi Solidaritéit onbedéngt spille muss, am Intérêt vun deene ville Leit déi de Misär haten.

Voilà, dat war dat Wichtegst, dat ech soe wollt. Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mäi Fraktiounschef, de Lucien Weiler, deen och Interpellant ass an deem ech wëllt op jidde Fall merci soe fir déi Initiativ, déi en hei geholl huet, huet sech, an ech fannen dat ass normal, e bësse méi mam Héichwaasser vun der Sauer beschäftegt.

Mä, wann een dat esou kuckt, Héichwaasser betrëfft a sech all Flëss, déi mer hei am Land hunn, ergo betrëfft et och all Regiounen, déi mer hunn, jiddefalls déi Regioune wou e Flossbett do ass, egal op et e Grousst oder e Klengt ass. Och wann d'Héichwaasser op der Musel anere Kritären ënnerläit wéi zum Beispill d'Héichwaasser op der Sauer, oder op der Our, oder vun der Uelzecht, esou muss een dach awer feststellen, datt de Schued, deen op där enger Plaz hannerlooss gëtt, genau esou schlëmm an och genau esou tragesch ass fir déi Familljen, wéi op der anerer Plaz.

Mat anere Kritäre wëll ech soen, datt d'Héichwaasser op der Musel éischter mat Annonce kënnt. Dat kann een net esou bewäerte wéi Héichwaasser op der Sauer. No Schnéischmelzen an de Vogesen, no undauerndem Reen ass ganz séier an och ganz direkt Héichwaasser ugesot. Mä op der Musel ass et net esou wéi bei anere Flëss, datt d'Musel iwwer Nuecht kënnt, datt een owes schlofe geet a mueres steet d'Musel am Haus, esou fonctionnéiert dat net. Mir hunn do schonn e ganz performanten Informatiounssystem, deen och als relativ fiabel unzegesinn ass. Déi Prognose si scho ganz gutt, déi mer do op der Musel hunn.

Bei der Sauer, Uelzecht oder anere klenge Flëss, do kann et schonn derzou kommen, datt een owes schlofe geet a moies huet een de Keller oder d'Garage vollstoen, ouni datt een direkt owes doru geduecht huet. Dat ännert awer näischt un der Tatsaach, datt d'Musel trotz allem Schéine wat se mat sech bréngt, ech denken do un den Tourismus, awer och scho ganz vill negativ Spuren hannerlooss huet.

Dofir ass et, sinn ech der Meenung, un der Zäit, datt d'Politik sech seriö mat dësem Problem beschäftegt. All Héichwaasser ass oder muss een als nationale Problem ugesinn, egal ob dat op der Sauer, op der Musel oder op der Our oder Uelzecht ass.

***(Interruptions)***

Jo, Här Gira, ech kann Iech d'ganzt Lëtzebuerger Land opzielen, wann dat Iech interesséiert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Mir hunn och un der Atert gréisser Problemer.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Iech schéngt dat jo awer net ze interesséieren, soss géingt der net dauernd de Riedner ënnerbrieche mat Ären Zwëscheriff.

M. le Président.- Mir schwätze jo elo iwwert d'Musel an den Här Gira ass och agedroen. Hie schwätzt dann iwwert d'Atert.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Här President, ech wëll Iech drop opmierksam maachen, datt ech net nëmmen iwwert d'Musel schwätzen, ech hunn elo just d'Our an d'Uelzecht an aner Flëss gesot.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir sollt Iech net esou liicht ënnerbrieche loossen, Här Clement.

***(Interruptions diverses)***

M. Lucien Clement *(CSV).*- Här President, wann den Här Gira an den Här Di Bartolomeo fäerdeg sinn, da fueren ech virun.

M. le Président.- Här Clement, schwätzt weider, Dir sollt keng esou laang Pause maachen, dann hu se keng Zäit fir ëmmer dertëschent ze funken.

***(Hilarité)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, Dir hutt ganz Recht!

M. le Président.- Fuert roueg virun a lauschtert net wat se soen.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Also de Reen, dee fält an deene meeschte Fäll, muss een als Deelursaach ugesinn, an e fält och am ganze Land, an der ganzer Regioun an net nëmmen do wou et zoufällegerweis e Floss gëtt. Déi aner Deelursaach ass mat Sécherheet duerch de Mënsch selwer erbäigefouert ginn. Ech denken elei un d'Versigelung vum Buedem, un d'Kanalnetzer, déi d'Waasser relativ schnell, fir net ze soen ze schnell deenen eenzelne Flëss zoufëieren. Net dacks genuch gëtt hei, wa gréisser Bauprojeten ustinn, dru geduecht fir Iwwerflächewaasser a Rétentiounsbecken ofzefëieren. Derbäi kënnt nach, datt op ville Plazen am Land an der Zäit och op de falsche Plaze gebaut gouf. Ech mengen, dat ass och schonn ugeschwat ginn.

Mä eréischt, muss een awer soen, d'Kopplung vun all dëse Mesuren, ech soen de Reen, a falsch Baumoossnamen, Versigelung féiert derzou, datt mer Héichwaasser kréien zu engem bestëmmte Moment an ergo och Héichwaasserschied entstinn.

Well awer iwwerall am Land dees vu Mënschenhand ervirgeruffe Feeler gemaach goufen a well de Reen och am ganze Land fält, duerfir geet d'Héichwaasserproblematik eis och alleguerten eppes un an duerfir musse mer och alleguer zesummen no Léisunge sichen. Alleguer, dat heescht fir mech de Stat, d'Gemengen, mä virun allem gesinn ech awer Responsabilitéite bei all Eenzelnen.

Här President, et gëtt Léisungen, zwar keng 100%eg Léisungen, mä et gëtt der. D'Méiglechkeeten dem Héichwaasser mat Mënschenhand entgéint ze wierke sinn zwar begrenzt, mä dat dierf duerfir net heeschen, datt ee se net notze sollt. Ech wëll net am Detail op déi verschidde Méiglechkeeten agoen. Dat iwwerloossen ech gär de Spezialisten oder deene Leit, déi d'Etüd iwwert d'Héichwaasserproblematik op der Musel ausschaffen. Dës Etüd huet de Michel Wolter an Optrag ginn an ech soen him vun dëser Plaz aus dofir ausdrécklech merci.

Ech sinn awer och gespaant op d'Resultat vun dëser Etüd. Zesumme mat der Etüd iwwert d'Sauer, wou schonn eng Etüd virläit, mussen hei op jidde Fall, wat déi zwee Flëss ubelaangt, déi richteg Konklusioune gezu ginn.

Ech hu gesot: Héichwaasserschutz, sief et doduerch well Maueren gebaut gi sinn oder mobil sinn, wéinst Däicher oder Rétentiounsbecken, ass ni en 100%ege Schutz. Dat soll een de Leit soen an et soll een hinnen och kee Gefill vun absoluter Sécherheet hannert dëse Mauere vermëttelen. Ech mengen, dat wier eng falsch Approche.

Ech war selwer dräimol an Däitschland op deene verschiddenste Plazen, fir mech do ze renseignéieren a fir mech och ze informéieren, wat an dësem Domän alles machbar ass. De Minister Michel Wolter war eng Kéier mat, fir sech d'Héichwaasserschutzmoossnamen an Däitschland unzekucken. Ech mengen, och hie muss näidlos zougestoen, datt se an deem Domän op jidde Fall eis e ganz Koup Jore viraus sinn.

De Viraussosystem zu Tréier ass séier performant an do funktionéiert, géif ech soen, d'Zesummenaarbecht mat Lëtzebuerg schonn iwwer Joren eraus ganz zefriddestellend. Op all Detail anzegoe géif hei ze wäit féieren, mä et ass mat Sécherheet kengem heibanne verbuede sech emol eng Kéier an Däitschland déi verschidden Héichwaasserschutzmoossnamen, déi bestinn, unzekucken.

Natierlechen Héichwaasserschutz wéi e Rétentiounsbecken ass jiddefalls wat d'Musel ugeet nëmme grenziwwerschreidend machbar, aus deem einfache Grond well Lëtzebuerg wéineg Flaachland op senger Säit laanscht d'Musel opzeweisen huet. Souwisou sinn ech perséinlech der Meenung, datt op der Musel eng aner Zort vu Schutz muss opgebaut gi wéi onbedéngt Rétentiounsbecken. Dat ass alles schéin a gutt, mä wann een d'Musel kennt, da weess een datt dat e bësse méi Waasser ass wéi bei bësse méi klenge Flëss. Bei der Sauer oder bei der Uelzecht wäerten d'Rétentiounsbecke sécher méi richteg si wéi op der Musel.

Op der Musel schéngt et mer wéi wann e mobilen oder techneschen Héichwaasserschutz, esou wéi en an Däitschland och laanscht d'Musel gebaut gëtt, méi effikass wier wéi Rétentiounsbecken. Laut Etüden hat d'Musel bei deene jeeweilegen Héichwaasseren '93 a '95 e Surplus u Waasser vun 3.000 Millioune Kubikmeter. Et muss ee sech dat emol eng Kéier virstelle wéi vill dat ass. A wann nees eng Kéier esou en Héichwaasser ass, dann invitéieren ech jiddfereen sech zu Réimech op d'Bréck ze stellen an da kann hie sech dat eng Kéier ukucke wat do u Waassermasse kënnt. Da weess ee ganz séier, datt et do net duer geet wann ee Plazen ausbaggert, a wann ee se och nach 50 Meter déif ausbaggert an 100 Meter breet an 100 Meter laang mécht, da geet dat eng Kéier „blubb" an dann ass dat voll an dann ass d'Musel nach net een Zentimeter méi niddreg ginn doduerch.

Et ass duerfir wichteg, datt déi eenzel Etüden…

***(Interruption)***

Glift?

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- De Stausee huet eng Rétentiounsméiglechkeet vun 9 Millioune m³ an dat anert sinn 3.000 Millioune m³, fir dass ee weess iwwer wat datt ee schwätzt.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Jo, ech kann Iech et weisen, Här Minister. Ech hunn et an der Etüd gelies.

Et ass duerfir wichteg, dass déi eenzel Etüden ofgewaart ginn. Mesuren, déi da getraff ginn, mussen deenen eenzelne Situatioune Rechnung droen. Héichwaasserschutzmoossname si mat Sécherheet ze begréissen, mä dat verhënnert awer net, datt d'Aart a Weis fir hannert engem Schutz ze bauen ëmmer nach méiglechen Héichwaassere muss Rechnung droen. Et dierf net sinn, datt hannert engem Wall, hannert engem Schutz kostspilleg Installatioune gebaut ginn, déi ëmmer nach Gefor lafen iergendwann eng Kéier iwwerschwemmt ze ginn.

Mir hu gesinn, datt Maueren oder natierlech Wäll, déi eng Ortschaft schütze sollen, sech relativ gutt an d'Bild vun der Landschaft integréieren, mä et ass net nëmmen dat wat ee vum Wall gesäit, wat vill Sue kascht, de Gros vum Käschtepunkt läit nämlech am Buedem selwer. Dat si Palplanchen, déi an de Buedem musse gerammt gi fir dat natierlecht Grondwaasser vum Floss ze eliminéieren. De ganze Kanalréseau muss mat Drockklappen ausgestatt gi fir den Offloss ze garantéieren an de Réckfloss ze verhënneren.

Dat alles, Här President, kascht Geld, dat kascht souguer ganz vill Geld an déi eenzel Gemeng, déi

vun dem Héichwaasser betraff ass, kann dat onméiglech eleng opbréngen. Duerfir ass et wichteg, datt een, ier een iwwer Héichwaasserschutzmoossnamen diskutéiert, e ganz zolidde Finanzplang mat enger Prioritéitelëscht opstellt.

Duerfir ënnerstëtzen ech ganz ausdrécklech dat wat den Här Weiler iwwert de Finanzement gesot huet. Hei wäert sech da ganz sécher, wa mer doriwwer eng Kéier dierfen oder kënnen diskutéieren, erausstelle wéi grouss d'Solidaritéit ënnert deenen eenzelne Gemengen ass. Ech denken - de President vum SYVICOL ass elo hei - et ass sécherlech eng interessant Aufgab fir de SYVICOL an de Conseil supérieur des finances communales fir eng Kéier doriwwer ze diskutéieren.

Ech perséinlech sinn op jidde Fall der Meenung, datt et op kee Fall, egal wéi de Modell ausgesäit, esou si kann, datt déi concernéiert Gemeng méi wéi 10% vun deem ganzen Héichwaasserschutz do droe kann. Den Här Scheuer huet gesot: 100 Milliounen, dat ass fir eng Gemeng wéi Iechternach net machbar. Ech wëll him soen, datt déi Réimecher Gemeng eng wesentlech méi kleng Gemeng ass, an datt mer einfach iwwert den Daum gepeilt eis emol eng Kéier soe gelooss hu wat den Héichwaasserschutz zu Réimech kascht ouni Rétentiounsbecken, an da komme mer op eng hallef Milliard. Och dat ass en décke Pak. Wann een da seet 20% dovunner muss d'Gemeng droen, da sinn dat och 100 Milliounen zu Réimech a mir si vill méi eng kleng Gemeng wéi Iechternach.

Ech wëll Iech nëmme soen: Ech weess, datt dat de Budget grevéiert.

***(Interruption)***

Et grevéiert Ären an et grevéiert och eisen. Ech mengen, dat schéngt mer ganz normal ze sinn.

Wichteg schéngt mer awer och ze sinn, datt eng Kostennutzungsrechnung opgestallt gëtt. D'Fro muss heeschen, an dat ass ganz wichteg: Wat kann ech mat wéi vill Geld schützen? Et ass sënnlos en eenzelt Haus vun enger Ortschaft wëllen ze schützen an d'Schutzmoossname kaschten dräimol méi wéi d'Haus selwer wäert ass. Bei dëser Diskussioun Kostennutzungsrechnung muss de Faktor minimum 1:1 sinn, dat heescht wann ech zéng Milliounen Euro investéieren, da musse minimum zéng Millioune Bausubstanz geschützt ginn.

Et brauch een, Här President, net wäit ze fuere fir sech en effikassen Héichwaasserschutz unzekucken. Hei vir an Däitschland zu Saarbuerg kann een dat gesinn. De Buergermeeschter vu Saarbuerg huet eis gewise wat fir e Liewen sech hannert esou engem Héichwaasserschutz entwéckelt an erëm méiglech ass. Dir gesitt do ganz kleng pittoresk Gaassen, déi renovéiert gi sinn, wou viru siwen, aacht Joer all Joer dräi-, véiermol Héichwaasser stung. Nei Aktivitéiten hu sech do entwéckelt an et ass haut ee vun deene schéinste Quartiere vun der Stad Saarbuerg.

Hei si Moossname getraff ginn, déi d'Liewensqualitéit an den Image vun där Stad zolidd augmentéiert hunn. Et ass sech hei, wat d'Héicht vum Héichwaasserschutz ugeet, op e 50-jähregt Héichwaasser baséiert ginn, mä e 50-jähregt Héichwaasser, Här President, dat kann och zweemol a fënnef Joer kommen an da vläicht honnert Joer net méi kommen. Nach eemol: Et gëtt keen 100%ege Schutz, egal wéi héich de Wall, egal wéi héich den Héichwaasserschutz ass.

Als Konklusioun wëll ech dann dozou soen: Et muss am Virfeld eng Verbesserung vun allen Ziler a vun allen Handlungen erbäigefouert ginn. Ech denken do un d'Bauen, un d'Versigelung, un d'Rétentiounsbecken an un d'Kanalnetzer. Ech hat uganks gesot mir sinn all concernéiert, an do schéngt et mer och wichteg ze sinn, wann d'öffentlech Hand Terraine brauch fir Rétentiounsbecken, datt et och net kann dorunner scheiteren, datt Propriétairen dat Land do net wëllen zur Verfügung stellen.

Här President, all dës Moossnamen däerfen net nëmme fir d'Anzugsgebidder vun de Flëss gëllen, si mussen iwwerall am Land duerchgesat ginn. No der Devise „alles soll besser ginn, mä näischt däerf sech änneren" ännere mir och näischt um Héichwaasserschutz a mir änneren och näischt um Héichwaasser.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Belling agedroen. Den Här Belling huet d'Wuert.

M. Jeannot Belling *(DP)*.- Här President, ech entschëllege mech direkt viru menger Interventioun, wann ech elo sollt e bësse méi iwwert d'Musel an net iwwert d'Atert an d'Ganer, a wéi se alleguerten heeschen, schwätzen. Ech fille mech einfach vill méi wuel, wann ech iwwer eppes schwätze wouvun ech eppes verstinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Héichwaasser an Iwwerschwemmunge sinn an deene leschte Joren ëmmer méi zu engem grousse Problem ginn. Ass d'Héichwaasser an der Zäit éischter als en natierlecht Phenomeen betruecht ginn, mat deem ee sech offanne konnt oder einfach huet missen, sou muss een dat haut éischter als Naturkatastroph aklasséieren. Wéi ass dat ze erklären?

Héichwaasser ass zu enger Plo ginn, well d'Frequenz an d'Regelméissegkeet mat där mer domat konfrontéiert sinn op eng inquiétant Manéier an deene leschte Jorzéngten zougeholl hunn a well et sech ëmmer méi oft ëm schwéier Iwwerschwemmungen handelt. Dobäi kënnt, dass de materielle Schued, ouni d'Geforen ze vergiessen, deenen de Mënsch kann ausgesat ginn, dacks enorm ass. Ech brauch nëmmen un d'Katastrophen op der Musel vun 1983, mä och un déi méi rezent Iwwerschwemmungen ufanks dësem Joer zu Iechternach, Rouspert oder Dikrech ze denken.

Hautdësdags kann een d'Héichwaasser och net als een einfacht Naturphenomeen hinhuelen. De Mënsch ass net onschëlleg un dëser negativer Entwécklung, bei wäitem net, an dat ass jo hei och scho gesot ginn. Déi accentuéiert Versigelung ass sécherlech eng vun den Ursaachen, ouni elo wëllen hei op d'Problematik vum Klimawandel anzegoen. Héichwaasser an Iwwerschwemmunge sinn deemno keng Fatalitéit.

Här President, wann an Zukunft muss un der Quell sou ze soen, wat d'Ursaache betrëfft, agéiert ginn, sou musse mer dach och oder souguer virun allem um Terrain besser reagéiere kënnen. Ech wëll hei elo net op déi ekologesch Aménagementer, wéi Renaturéierung vu Flëss a Baachen agoen, déi och dozou bäidroe kéinten, dass den Héichwaasserproblem entschäerft géif ginn. Mäi Fraktiounskolleeg an héichgeschätzte Komerod Gusty Graas wäert spéider méi am Detail op déi Aspekter agoen.

Ech hu gesot, mir musse kënne reagéieren, wa mer mam Problem Iwwerschwemmunge konfrontéiert sinn. Hei ass eng kuerz Reaktiounszäit vu wesentlecher Bedeitung, well den Iwwerraschungseffekt soll esou minim wéi méiglech sinn. Et ass kloer, dass d'Awunner vun deem sougenannten Iwwerschwemmungsgebitt musse mam Thema Héichwaasser sensibiliséiert ginn, wa se et net schonn duerch Erfahrung um eegene Leif sinn.

Wéi gesot, fir op eng effikass Aart a Weis ze reagéieren, muss kënne séier reagéiert ginn, deemno muss d'Informatioun am Mëttelpunkt stoen. Eng Mass vun Donnéeën iwwert d'Verhale vun eise Baachen a Flëss muss gesammelt a wëssenschaftlech verschafft ginn. Nëmmen eng héichwäerteg Informatioun erlaabt eng effikass Preventioun a Reaktioun. E performanten Informatiounssystem ass also äusserst wichteg.

Esou een Informatiounssystem soll am Idealfall zentraliséiert gefiert ginn an op enger flächendeckender Vernetzung baséieren. Dee System bréngt awer nëmmen eppes, wann en op eng einfach Manéier vu jidderengem 24 Stonnen op 24 zougänglech ass. Ech denken do un en Ofliese vun den elektronesche Pegelmiesser via Internet. Do soll sech, wa meng Informatioune richteg sinn, deemnächst eppes doen. Oder einfach eng permanent Telefonslinn mat direkten Uspriechpartner. Ech insistéieren op dat Wuert permanent, well och um dräi Auer an der Nuecht muss et méiglech sinn dee leschten Informatiounsstand gewuer ze ginn. E Floss an eng Baach si leider Gottes och nuets aktiv. Och wann op der Musel dank den Efforte vu villen eenzelne Gemenge gutt Usätz ze verzeechne sinn, sou missten nach virun allem eis Schleise mat performantem informatesche Material équipéiert ginn, sou dass se iwwer Internet mat all méiglechen Administratiounen am noen Ausland a selbstverständlech och am Inland vernetzt sinn. Et däerf een net vergiessen, dass d'Beamte vun de Schleise ronderëm d'Auer am Déngscht sinn an doduerch een idealen Uspriechpartner sinn.

Ech wëll vun dëser Tribün profitéieren, fir de Schleisebeamten e grousse Luef auszesprieche fir d'Versteesdemech, dat se de Leit entgéint bréngen, déi sech an hirer Nout Dag an Nuecht u se wennen, fir eppes iwwert de Verlaf vum Waasser gewuer ze ginn. Leider feelt et hinne ganz oft un deenen néidegen Informatioune fir de Leit effikass hëllefen ze kënnen. An deem Kontext géif ech mengen, dass et opportun wier, fir dee sougenannte Preventiouns - a Fréiwarnsystem, wéi e scho säit 1993 vun der Protection civile op d'Bee bruecht ginn ass, auszebauen.

Et schéngt mer evident, dass am Beräich Héichwaasser eng enk Zesummenaarbecht op allen Niveauen enorm wichteg ass. Den Informatiounsaustausch tëscht de Länner muss klappen. Ech denken hei zum Beispill un den Accord relatif à l'annonce des crues dans le bassin de la Moselle vun 1987.

Ech si mer och bewosst, dass d'Virausgesi vun den Iwwerschwemmungen op der Musel vill méi einfach ass wéi op der Sauer, ganz einfach well mer kënnen am Viraus gewuer ginn, wat sech e puer Kilometer oder honnert Kilometer méi wäit am Frankräich deet. Et kann een also d'Problematik Héichwaasser net pauschaliséieren.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Ech hunn hei vill vun Aktiounen, Informatiounen, Preventioun a Reaktioun geschwat. Traditionell denkt een un éischter Stell awer u Schutz, wann ee sech mat Héichwaasser an Iwwerschwemmunge befaasst. Dësen Aspekt soll och net an Zukunft vernoléissegt ginn, trotz alle preventive Mesuren. Et muss eng adequat Protektioun garantéiert sinn. Natierlech kann een net kilometerlaang Betonsmauere laanscht eis Gewässer bauen. Eng Partie Aménagementer an Infrastrukture sinn awer noutwenneg. Hei soll den ästheteschen Aspekt awer och net ze kuerz kommen. Déi noutwenneg Investissementer kënnen awer onméiglech vun eise Gemengen eleng gedroe ginn, an dat hunn den Interpellant a mäi Virriedner jo awer och scho ganz kloer gesot.

Héichwaasserschutz kombinéiert mat Verschéinerung ass menger Meenung no keng Utopie. Do kënnt ech mer zum Beispill eng intelligent ugeluechte Renovatioun vun der Réimecher Esplanade virstellen, déi zugläich den Iwwerschwemmungsrisiko ëm 80% reduzéiere kënnt. Dës verschidden Aménagementer musse selbstverständlech no engem Gesamtkonzept geplangt ginn. Et kann net sinn, dass op enger Plaz eng Mauer gebaut gëtt an dass méi wäit an enger anerer Uertschaft de Problem vum Héichwaasser doduerch an d'Luucht geet. Solidaritéit ass deemno ugesot. Et mussen am Kader vum Aménagement du territoire Pläng ausgeschafft ginn allgemeng, wou d'Waasserwirtschaftsamt oder d'Administration de la gestion de l'eau d'Missioun hätten, d'Héichwaasserproblematik landeswäit an de Gréff ze kréien. Dat ass keng einfach Aufgab. Och op internationaler Basis ass weider Zesummenaarbecht gefrot. Dëse Wonsch war och Deel vun deene verschiddene Ministeren aus Frankräich, Däitschland, Holland, der Belsch a Lëtzebuerg am Kader vun der Déclaratioun de Strasbourg am Joer 1995. Hei ass eng enk Kooperatioun ugepeilt ginn.

All Effort, deen am Sënn vum Héichwaasserschutz ënnerholl gëtt, ass ze begréissen. Et muss een allerdéngs oppassen, dass d'Leit sech bewosst bleiwen, dass en Héichwaasserrisiko ëmmer wäert bestoen, och wa mer erreeche géingen, dass en op ee Minimum reduzéiert gëtt. Et ass hei schonn e puermol gesot ginn, all Efforten a Mesurë kënnen nimools en totale Schutz garantéieren. Et dierf op kee Fall zu engem iwwerdriwwene Sécherheetsgefill virun Iwwerschwemmunge kommen. Dat muss een de Leit kloer vermëttelen, op Héichwaasser muss een ëmmer gefaasst sinn.

Ofschléissend soen ech dem Här Minister Wolter villmools merci fir déi Efforten, déi bis elo ënnerholl gi sinn, a géif en am Numm vun allen Héichwaassergeschiedegte biede mat senge gudden Usätz weider ze fueren. Wann dat de Fall ass, da si mer um richtege Wee.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren an dem Här Gira merci, dass hie mech net ënnerbrach huet.

M. le Président.- Merci, Här Belling. Den nächste Riedner ass den Här Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, wann ee kuckt wéi an deene leschte Joren d'Problematik vum Héichwaasser zougeholl huet, muss een einleitend soen, Gott sei Dank ware mir d'lescht Joer iergendwou am rouegen Zentrum, am Mëttelpunkt vum Orkan, wann ech mech esou kann ausdrécken, well wann ee gekuckt huet, wat sech a ganz Europa ofgespillt huet, ugefaange bei Portugal iwwer Spuenien, Italien, Éisträich, Däitschland, da muss ee soen, mir haten onwahrscheinlech Chance. An dat bréngt mech a mengen Iwwerleeungen zu der éischter Ursaach, woufir mer an Zukunft, ech géif net soe méiglecherweis, mä wahrscheinlech nach méi wéi eng Kéier mat groussen Iwwerschwemmungskatastrophe konfrontéiert ginn. Dat ass de Klimachangement.

D'Wëssenschaftler, déi seriö ze huele sinn, hunn opgrond vun Daten, déi exakt erfaasst sinn, e Scénario entworf, dee ganz kloer drop hiweist, datt déi allgemeng Erwärmung vun der Atmosphär muss befäerte loossen, datt mer mat deene Pheenomener do, wéi gesot, vill méi dack konfrontéiert ginn.

Et sinn natierlech aner Ursaachen, déi mat dozou bäidroen. Ech wëll der nach dräi hei opzielen, déi och scho meng Virriedner opgezielt hunn. Et ass engersäits déi zounehmend Versigelung an awer op där anerer Säit och déi zounehmend Kanalisatioun, dat heescht den Drang fir d'Waasser esou séier wéi méiglech an op, ech wëll net soen, déi elegantst Aart a Weis, awer op eng Aart a Weis wou et da méiglechst séier geet, kënne lass ze ginn. Eng weider ass d'landwirtschaftlech Ursaach duerch déi schwéier Maschinnen, déi haut agesat ginn, d'Verdichtung vun de Biedem, déi net méi fäeg sinn esou vill Waasser opzehuelen a versickeren ze loossen, wéinegstens esou séier versickeren ze loosse wéi dat an der Zäit de Fall war, an dann natierlech do wou de Mënsch 100%eg selwer Schold ass, dat ass do wou mer an Iwwerschwemmungszonen era gebaut hunn.

Dofir stelle sech virun allem d'Froe vun enger effikasser Preventioun. Dat ass déi, a wou ech weess, datt dat eng laangfristeg Strategie ass, déi am Ufank näischt bréngt, datt mer musse Klimaschutz bedreiwen. Dat wat sech de Moment am Irak do ënnen ofspillt, wat jo wéinegstens deelweis schéngt d'Ursaach ze si fir méiglechst u villen a bëllegen Uelech ze kommen, ass ganz sécher net déi richteg Démarche fir Klimaschutz ze bedreiwen. Ech wëll mech selbstverständlech haut net dobäi ophalen.

Et ass falsch, hunn ech gesot, fir d'Waasser esou séier wéi méiglech lass ze ginn. Dat ass leider eng Tendenz. Iwwerall do wou d'Leit direkt mam Phenomeen konfrontéiert sinn, fir ze soen, mir hätten nach gären hei an do e bëssen ausgebaggert an d'Baach méi riicht oder de Floss méi riicht gemaach, datt et méi séier fortleeft, da steigt et bei eis 20 oder 30 oder 40 Zentimeter manner. Et ass awer, Här President, just de Contraire.

Ech hat an enger Interpellatioun am November 1995 schonn hei als eng vun deene wierksaamste Moossname verlaangt, datt ee landeswäit op allen Terrainen, déi sech dozou ubidden - ech schwätze wuelverstane vu landwirtschaftlechen Terrainen -, Lëtzebuerg huet bal 60% Grénglan, Wisen a Weeden, déi meeschtens a flaachen Zone leien, déi sech ganz gutt dozou eegene fir groussflächeg, an dat géifen enorm Quantitéite Waasser ginn, zréckzehale mat klenge Mesuren. Ech denken, Här Minister, net u Betongsbarragen an ech weess net wat fir eng grouss Installatiounen, déi an der Landschaft géinge stéieren, mä u verstänneg Barragen, einfach aus Buedem deen opgekippt ass an deen ugeplanzt ass, deen awer capabel ass, well dat gëtt jo kee grousse Waasserdrock, et ass jo keng Héicht do, mä et ass méi an der Breet, a wou een dann d'Waasser reguléiert kënnt oflafe loossen.

Mir kréien de Problem jo regelméisseg da wa banne 24 Stonnen, ech soen elo emol 80, 100, 120 Liter falen, och nach vläicht eng Kéier méi, a wa gläichzäiteg de Buedem scho voll Waasser ass, wéi dat meeschtens de Fall ass, wann esou eppes virkënnt. De Buedem ass net capabel, sief et well e gefruer ass, sief et well e voll Waasser ass, nach zousätzlech opzehuelen, an da leeft alles direkt of. Wa mer et géife fäerdeg bréngen, mat esou enger Strategie, ech soen awer ganz kloer, am Accord mat de Propriétairen, virun allem mat de Baueren, esou eng Preventioun ze maachen, déi net esou schrecklech vill géif kaschten, wou een de Leit dann awer och, wann herno muss gebotzt ginn, well mer wësse wéi dat geet wa Waasser do steet an et leeft herno lues of, da läit den Dreck an de Piergen, datt dann awer och dofir gesuergt gëtt datt dat, sief et entschiedegt gëtt, sief et datt Leit, déi fir öffentlech Aarbechten zur Verfügung stinn, dann do agesat gi fir Botzaarbecht ze maachen.

Natierlech a Gott sei Dank gëtt dat haut praktesch systematesch gemaach. Et musse Réckhaltebecken gebaut ginn do wou gréisser Projete realiséiert ginn, besonnesch Stroossebauprojeten. Ech menge

mech erënneren ze kënnen, datt bei der Nordstrooss esou Réckhaltebecke virgesi sinn, well déi Fläch, déi do regelrecht versigelt ass, natierlech relativ vill Waasser séier offléisse léisst.

Mir hunn och bei der Diskussioun iwwert den Aménagement du territoire heiriwwer geschwat, datt manner soll versigelt ginn. Ech ka bis elo nach keng Strategie erkenne wou konsequent do géing higeschafft ginn. Mir maachen nach ëmmer Parkingen total an d'Breet, einfach op de Buedem, well dat anert gëtt jo vill méi deier, wa mer an de Buedem ginn, mat zwee, dräi oder véier Stäck oder och aus dem Buedem eraus. Mir bauen nach ëmmer Supermarchéën, oder wat et och ëmmer ass, ebenäerdeg, wou dat anert vill Fläch géing spueren, awer natierlech deementspriechend am Baue méi deier géif ginn. Datselwecht kann een an engem gewësse Mooss och vum Wunnengsbau soen, woubäi do natierlech den Aspekt vun der Liewensqualitéit mat eraspillt, deen een och net ganz ka vernoléissegen dodran.

Ech muss awer och soen, datt der Bautepolitik, no där grousser Katastroph vun 1993, wou jo dann Hearinge waren a wou Dokumenter ausgeschafft gi sinn, nach weider Sënne geschitt sinn, wou ee wierklech sech awer muss froen: Wat ass do lass gewiescht? Ech denken un Hesper, wou ongenéiert do an dat Gebitt eragebaut ginn ass, nodeem...

***(Interruption)***

Da kënnt dann déi aner Diskussioun, déi hei ugeschnidde ginn ass, datt d'Solidaritéit tëschent de Gemenge misst spillen. Do verstinn ech awer ganz gutt, och als Net-Kommunalpolitiker, wa verschidde Leit soen, also iergendwou huet d'Solidaritéit awer och Grenzen, ganz besonnesch da wann et selwer verschélt ass.

Ech hunn duerno och festgestallt datt zu Réimech nach Haiser gebaut si ginn, ënnen um Niveau vun der Muselstrooss, do wou regelméisseg d'Waasser erausgeet. Ech hunn am Ufank gemengt, ënnendra wiere Garagen, déi sech liicht herno géinge botze loosse mam Hochdruckreiniger. Ech hunn awer herno festgestallt, wann een owes do laanscht fiert, datt ënnen um Rez-de-chaussée Leit wunnen, datt dat regelrecht Wunnenge sinn.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Här Mehlen, dat ass net richteg!

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Da gi mer eng Kéier zesummen dohinner kucken, Här Clement. Ech hunn dat awer mat eegenen Ae gesinn an ech mengen, ech kënnt deenen nach trauen.

Dann de Problem vun der Landwirtschaft. Ech weess net wou, wat…

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Also, mat Ären Aen, zum Beispill hutt der eng Kéier um Mierscherbierg Walisse gesinn, déi et net gi sinn!

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här Wolter, ech sinn lech dankbar, datt der d'Stéchwuert ginn hutt, well ech hunn e schéint Gedicht hei vun engem Lëtzebuerger Dichter. Ech hat net wëlles et ganz virzeliesen, mä elo liesen ech et ganz vir.

***(Interruption)***

Ech behalen Zäit, maacht lech keng Suergen. Ech hunn d'Auer am A.

Här President, en aneren Aspekt ass d'Landwirtschaftspolitik. Et ass ganz kloer, ech hunn dat d'éinescht gesot, datt déi Verdichtungen, déi geschéien duerch déi schwéier Maschinnen, awer dat ass d'Saach vun der Konzentratioun a wou ëmmer verlaangt gëtt, den eenzelne Betrib misst nach ëmmer méi bewirtschaften, wat natierlech bedéngt, datt ëmmer méi schwéier Maschinne kommen an dann ass de Buedem net méi capabel vill Waasser opzehuelen.

Datselwecht betrëfft d'Diskussioun iwwert d'Drainagen, wou gemengt gëtt, Drainagë géingen dozou bäidroen, datt d'Waasser méi séier géif oflafen. Et ass just de Contraire. E gutt drainéierte Buedem wierkt wéi e Schwamm, hëlt, wann d'Waasser séier kënnt, d'Waasser op a léisst et lues a lues duerch d'Drainagen iwwer eng länger Zäit, ob dat elo Deeg oder Woche sinn, erëm oflafen.

Ech kéim dann zu deene méi direkte Schutzmoossnamen. Dat sinn d'Schutzmaueren, déi sech jo wéi et schéngt dës Kéier zu Angelduerf bewährt hunn. Ech deelen awer absolut d'Opfaassung, datt mer net kënne sämtlech Uertschaften, déi vum Héichwaasser potenziell bedréit sinn, mat Maueren zoubauen. Ech hu gesi wat déi Däitsch déi aner Säit gemaach hunn, do wou d'Sauer an d'Musel erastéisst, dat gesäit sech net schrecklech schéin un. Ech deelen dat wat den Här Belling hei gesot huet, den ästheteschen Aspekt muss och iergendwou matspillen. Et gëtt allerdéngs och mobil Méiglechkeeten, do wou d'Waasser net ze héich klëmmt, déi een, wann ee laang genuch virdrun alertéiert ass, da kann asetzen. Mä och do wou Schutzmauere sinn, muss een, Här Scheuer, ech hu gemengt, ech hätt an der Zeitung gelies, muss een drun denken, datt et d'Kanalisatioun gëtt iwwert déi d'Waasser kann zréckstoussen a wann ee schonn dicht mécht, da muss een alles dicht maachen, soss huet et kee Wäert. Ech denken, datt och do aus de Feeler oder den Ënnerloossunge geléiert ginn ass.

Dann de Problem, deen den Här Scheuer och hei ugesprach huet, ausbaggeren zu Steenem. Ech deelen absolut d'Suerge vun deene Leit, a wann een dat liest, wat jo an deem Dokument do steet, da muss ee soen, wa scho virgesinn ass esou Barragen, déi zwangsleefeg versanden a verlanden, all 25 Joer op d'mannst eng Kéier eidel ze maachen, an hei schéngt et jo awer, datt sech onheemlech vill ugesammelt huet, da soll dat dach ëm Gottes Wëlle gemaach ginn. Ech muss soen, mat e bësse gesondem Mënscheverstand verstinn ech net wat dat leschtens Enns mat Environnement oder mat Schutz vum Environnement ze doen huet, wann déi natierlech Topographie virdrun ausgewisen huet, datt et souwisou méi déif war. Ob et a leschter Konsequenz esou vill bréngt, wéi déi Leit sech dovunner verspriechen, dat trauen ech mer net ze beuerteelen.

Normalerweis géif ee jo mengen, wann eng Staumauer do ass, da wier et den Niveau vun der Staumauer, dee leschtens Enns déterminant wier vun der Héicht vum Waasser an Ofhängegkeet vun deem wat do u Waasser ufält. Mä wann hei Etüde virleien, sinn ech mam Här Scheuer d'accord, soll een dat vérifiéieren, an op jidde Fall geschitt hei menger Meenung no der Natur näischt, wann een dee ganze Buedem do eng Kéier eraushëlt, well iergendwann eng Kéier ass jo och déi ganz Staucapacitéit do épuiséiert.

Ganz besonnesch do, wann een dat liest, wou d'Prüm erastéisst, datt sech do eng ganz Partie ugesammelt huet. Anscheinend gëtt et jo och nach e Problem mat enger Bréck, wou d'Pilieren ënnen esou breet sinn, dass och d'Waasser do just op där Plaz dann esou zréckstaut, datt dat Duerf ebe méi Waasser eragedréckt kritt wéi dat onbedéngt si misst.

Ee Wuert nach zur Staumauer, déi jo soll als Régulateur déngen. Dat war déi leschte Kéier och en Thema. Ech hu mer vun engem Lëtzebuerger Geolog, deen zu Ooche léiert, soe gelooss, datt dat mat der geologescher Sécherheet, ech schwätzen elo vun der Geologie, net esou ganz grouss wier, an datt ee scho sollt oppassen, wann eng Kéier eppes géif geschéien - ech wël der Däiwel net un d'Wand molen -, datt dann awer wierklech en effikasse Système d'alerte sollt bestoen. Ech hunn deemools en Szenario virgemoolt kritt, dee fir déi Uertschaften ënnen drun net ganz schéin ausgesinn huet.

E Wuert nach zu den Hëllefskräften. Et ass ganz kloer, datt een deene Leit all Equipementer muss zur Verfügung stellen. Ech war, Här Strotz, zu lechternach op der Versammlung vun de Pompjeeën, an do ass awer Kritik geübt ginn, datt et mat der Koordinatioun net esou gewiescht wier wéi et hätt kënne sinn. Ech soen dat elo ganz fein. Ech ginn et esou weider wéi et do gesot ginn ass. Wahrscheinlech ass do nach e bësselchen eppes ze maachen.

D'Konklusioun, Här President: Mir musse laangfristeg denken. Dat ass de Klimaschutz. Mir musse systematesch preventiv denken. Dat ass de Système - an dat schéngt fir mech hei de wichtegste Punkt ze sinn - de rétention. A leschten Enns musse mer probéieren d'Versigelung do opzehiewe wou se kann évitéiert ginn a wou een och Verséckerungsfläche maache kann, a jiddefalls ze verhënneren, datt se nach weider gedriwwe gëtt.

Dann, Här Minister, wëll ech lech awer net virun deem schéine Gedicht hei verschounen, wat e Lëtzebuerger Poet geschriwwen huet, dee leider net méi lieft. Ech ginn et einfach esou hei weider wéi de Mann et geschriwwen huet 1995: „Wou d'Uelzecht durecht d'Wisen zitt an d'Kellere voller Waasser stinn, do seet esou muncher Hypocrite hien hätt mam Waasser näischt ze dinn. All Supp, all Dëmpel gouf verbaut. Et gouf spekuléiert a bestach. Déiselwecht Leit, déi soen haut: Mäi Gott, mir hunn dach näischt verbrach. Si hu geraibert a geraf. Si kruten einfach net genuch. Vill dichteg Leit, bekannt a brav, déi kruten och e Stéck vum Kuch. E Stéck fir mech, e Stéck fir dech, da geet déi Saach bestëmmt an d'Rei. Da bleift nach eppes iwwereg, an dat ass da fir meng Partei. Wou d'Uelzecht durecht d'Wisen zitt a villes schonn zum Himmel sténkt, do huet esou muncher Hypocrite sech dacks eng gëllen Nues verdéngt."

Et ass net vu mir. Ech soen lech villmools merci fir d'Nolauschteren.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Här Gira, et ass un lech wann ech glift.

***(Brouhaha général)***

Hutt Dir och nach ee Gedicht?

***(Interruption)***

Dann ass et gutt.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Keng Angscht, ech hu kee Gedicht.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Här President, vläicht just puer Bemierkungen zu deem klengen Incident vun éinescht.

Ech sinn absolut mam Här Weiler d'accord, dass dat heiten en immens wichtegt Thema ass a vu mir aus hätte mer kënne bis den Owend oder mar de Moien driwwer schwätzen, mä da verstinn ech zum Beispill net firwat hien net de Modell 2 gefrot huet, well dann hätten hien a mir vill méi Zäit gehat fir a Rou iwwert dat ganzt Thema ze diskutéieren.

Zweetens sinn ech bestëmmt dee leschten, deen hei mat der Stoppauer sëtzt, wann een eng Minutt iwwert d'Zäit ass. Ech schwätze méi dacks iwwert d'Zäit, wéi dass ech meng Zäit anhalen, mä ech muss awer feststellen, Här President, dass ech awer insgesamt dat Gefill net lassginn, dass hei, wann ee vun der Oppositioun um Pult ass, d'Réglementatioun awer e bësse méi streng gehandhabt gëtt wéi wann een aus der Majoritéit oder vun der Regierung hei schwätzt. Ech hunn nach selten erlieft, dass e Minister hei geschellt kritt huet.

M. le Président.- Ech mengen, Här Gira, dat stëmmt net. Mir fueren hei der Rei no a mir fuere richteg.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- De President huet jo elo gewiesselt. Et ass elo de Vizepresident do.

M. le Président.- Mir fueren der Zäit no wéi se festgeluecht ass.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Drëttens war ech iwwerrascht, Här President, dass den Här Weiler nom éischten Tëscheruff e bësse wéi eng beleidegt Liewerwurscht reagéiert huet.

***(Interruption)***

Ech mengen, hien ass jo och net grad bekannt heibannen, dass hien en onschëllegt Schof wier. Hie sëtzt jo och net ëmmer ganz roueg do hannen am Eck a mécht net emol déi eng oder aner Kéier en Tëscheruff.

Ech weess net wat méi langweileg fir d'Leit dobaussen ass, ob een nom aneren heihi kënnt a just seng Ried erofliest an duerno keen Austausch ass. Ech war des lescht am Benelux-Parlament an der Belsch an do schéngt et souguer Usus ze sinn, dass tëschent Ministeren an Deputéierten en intensiven Dialog iwwert d'Riednerpult ewech geschéie kann. Ech hunn dat vill méi flott fonnt wéi wa mer soen, hei kënnt nach just jiddfereen heihinner, hie seet dat wat hien ze soen huet, an da kënnt deen nächsten. Ech mengen da ginn et och net méi vill Leit, déi nolauschtere wäerten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi '93 a '95 Lëtzebuerg vun deene bekannten Héichwaasserkatastrophen heemgesicht ginn ass, dunn ass gesot ginn: Dat doten ass en aussergewéinleche Phenomeen. Dat doten ass e Jorhonnerthéichwaasser gewiescht. Leider si mer eppes Bessere beléiert ginn, an ech erënneren net nëmmen un dat vum 2. Januar oder vum 1. Januar, deemno wou ee gewunnt huet, mä am Oktober 1998 hate mer och eng Katastroph, vläicht e bëssen an anere Regioune vum Land. Et war sécher en Héichwaasser wat aner Ursaachen hat wéi déi lescht, mä du gouf et och en Héichwaasser. An nach ëmmer, Här President, kann een haut Leit erliewen, déi mengen dat wier näischt Aussergewéinleches, dat hätt et schonn ëmmer ginn a virun honnert Joer hätten och schonn Haiser hei am Land ënner Waasser gestanen.

Déi Gréng gehéieren net zu deenen, déi dat mengen. Déi Gréng sinn der Meenung, dass dat, wat mer hei elo ze spiere kréien, wierklech déi éischt Auswierkunge vum Klimawandel sinn. Ech maache mer et awer net grad esou einfach, wéi den Här Weiler dat vläicht gemaach huet, fir dat einfach emol op der Säit ze loossen. Wann ee wëllt mëttel- a laangfristeg Politik maachen, da geet et net duer mat punktuelle kuerzfristege Moossnamen. Da muss een och iwwert d'Ursaache vun deem Phenomeen do schwätzen, op jidde Fall vun der Intensivéierung vun deem Phenomeen.

Wat wichteg ass, wann een haut kuckt wat eis hei a Mëtteleuropa geschitt, dann ass dat identesch mat deem, wat d'Klimafuerscher virun zéng, fofzéng an zwanzeg Joer vun Szenarien eis gesot hunn. Et ass net esou, dass et am Duerchschnëtt méi reent iwwert d'Joer, mä et reent vill méi konzentréiert an der Wanterperiod an et kënnt awer och zu enger Rei méi extremen Evénementer. Ech perséinlech si leider iwwerzeegt, dass déi Phenomeener an der nächster Zäit nach dramatesch zouhuele wäerten.

Leider muss ee feststellen, dass hei zu Lëtzebuerg och dës Kéier am Januar erëm ganz vill, a leider och haut, muss ech feststellen, iwwer technesch Schutzmoossname geschwat ginn ass, awer relativ wéineg iwwert d'Ursaache vum Héichwaasser.

Sécherlech ass et richteg, dass déi éischt Ursaach déi ass, dass et vill, ze vill reent, mä et huet zum Beispill keen drop opmierksam gemaach, dass et awer och méi waarm ass am Wanter. A wie weess, wa mer nach vläicht en normaalt „Klima" gehat hätten, da wier dat wat Enn Dezember erofgaangen ass a Form vu Schnéi erofkomm, vläicht 15 Zentimeter Schnéi, an dann hätt dee Schnéi zwee Méint Zäit gehat ofzegoen an dann hätte mir den 2. an 3. Januar net schonn eng Katastroph gehat. Dat als Niewewierkung zum Beispill och vun enger Temperatur, déi einfach elo schonn e puer Grad méi héich ass wéi nach vläicht viru 50 oder 60 Joer.

Iwwert d'Buedemversigelung ass hei geschwat ginn, iwwer all déi Stroossen, déi mer gebaut hunn, all déi Zones industrielles. Ech wëll awer nach eppes hei opwerfen, wat een awer och eng Kéier thematiséiere muss. De Roby Mehlen huet een Deel dovu schonn opgeworf mat de Versigelunge vun de landwirtschaftleche Stécker.

Wann ee sech emol am Oktober, November eng Kéier e Maissték ukucke geet, wou grad eragefuer ginn ass, dat ass bal esou dicht wéi Bëton, mä ech wëll awer nach eng aner Problematik am Kontext Landwirtschaft opwerfen. Dat ass einfach dat ëmmer méi Feele vu Strukturelementer an der Landschaft. Ech hunn auslännesch Etüde gelies. Ech hunn awer och eng Etüd aus Lëtzebuerg, aus der Nopeschgemeng gelies, déi och zur Konklusioun kënnt, dass dat awer net en onwesentlechen Deel vum Phenomeen ass, dass d'Waasser esou séier ofleeft. Wann op engem ganze Bann queesch zu den Héichte guer keng Strukturelementer méi sinn, dann ass dat kloer.

Gitt emol eng Kéier wann et esou reent op e Feldwee kucken, do komme ganz Baachen de Feldwee erof, wat ee sécherlech virun 30 a 40 Joer, wéi mer eis Landschaft nach besser strukturéiert haten, nach net an där Form erlieft huet. Och do muss een eng Kéier driwwer schwätzen, Konzepter entwerfen an natierlech deene Leit hëllefen, déi concernéiert sinn, déi an deem Beräich Stécker leien hunn, mat Geld, mä awer nach vill méi mat Iddien.

Et ass richteg wat hei gesot ginn ass, et gëtt eng Multitude vun Ursaachen, déi da ganz oft nach vernetzt sinn a sech och nach verstäerken, an duerfir ass et och net einfach Léisungen ze fannen. An da si mer mam Phenomeen konfrontéiert, dass de Mënsch awer am léifste vun haut op mar gären eng Léisung hätt an net d'Gedold huet fir drop ze waarden a vläicht méi laangfristeg dorunner mussen ze schaffen.

Mä eigentlech geet et jo drëm fir ze bewäerte wat zu Lëtzebuerg zënter der Mëtt vun den 90er Jore geschitt ass. Och déi Gréng soen, dass net näischt geschitt ass, mä dat wat geschitt ass ass éischter onkoordinéiert vir sech gaangen. Et huet ee wierklech net dat Gefill, dass dat wat déi viregt an dës heiteg Regierung gemaach huet Bestanddeel vun engem kohärente Konzept wier, fir mat dem Phenomeen ëmzegoen. Den Här Weiler huet et och selwer betount, et ass punktuell reagéiert ginn, mä mir missten awer endlech zu enger kohärenter Virgehensweis kommen.

An hei ass och ee Beräich, Dir Dammen an Dir Hären, wou ee ganz kloer d'Feele schonn zënter Jorzéngte vun engem Waasserwirtschaftsamt feststellt, wat hätt kënnen, wéi deen dote Phenomeen opgetrueden ass, wierklech eng integréiert Bewirtschaftung vun deenen eenzelne Bassins versant an d'Wee leeden, wat och hätt kënnen dofir suergen innerhalb vun enger Administratioun, déi dach deelweis ënnerschiddlech Intérêten, déi en cause sinn, mateneen ze verbannen an da mat kohärente Léisungen nobaussen ze goen.

Ech fäerten dass, wéi elo déi ganz Konstruktioun vun deem Waasserwirtschaftsamt amgaang ass gebaut ze ginn, dat leider net wäert vill besser goen. Ech stellen nach déiselwecht Konflikter um Terrain fest, well, mengen ech, et ëmmer méi kloer gëtt, dass dat Waasserwirtschaftsamt an deem falsche Ministère ugesidelt ass, well och de Beräich Naturschutz elo awer nach ëmmer ausgesidelt ass, an dann huet sech eigentlech net vill geännert dobaussen, ausser dass déi Leit, déi virdrun eng Kap vun der ASTA un haten, déi hunn haut eng vun der Gestion des Eaux un, mä soss stellen ech dobaussen nach keng grouss Ënnerscheeder fest. Ech mengen, dass bei där nächster Regierung awer nach eng Kéier muss nogeluecht ginn, fir dass mer e Waasserwirtschaftsamt kréie wat deen Numm verdéngt. Och haut stellt een nach fest, dass intern bei de Projete mä och no baussen nach ëmmer ganz ënnerschiddlech Intérêtë gehandelt ginn.

Eppes wat positiv ass, wat och mir begréissen, war d'Ausweisung vun den Héichwaasserschutzzonen. Ech wëll dat als positiivt Beispill soen, well wéi esou oft déi lescht Zäit kréien d'Gemenge jo bal an allen Dossieren de schwaarze Péiter, wann et heescht, si géinge just hir perséinlech Intérêtë kucken a wären net bereet zesummen ze schaffen. Ëmmerhi war et awer do méiglech mat ganz ville Gemengen zu enger Léisung ze kommen, obwuel et jo awer och net einfach war fir déi Gemengen, fir déi Terrainen erauszehuelen. Déi hunn och den Drock vun hire Leit, déi do Terrainë leien hunn.

Wann een als Regierung awer mat engem kloere Konzept, mat Transparenz, wou och d'Gemengen d'Gefill hunn hei wier näischt Arbitraires am Spill, mä hei géing et wierklech ëm den Intérêt général national goen, mengen ech, fënnt een och bei deene meeschte Gemengeresponsabelen en oppent Ouer, an da kann een och, wann een zesumme virgeet, Léisunge fannen. Ech wollt just froen: Wéi wäit si mer bei där ganzer Ausweisung vun den Iwwerschwemmungszonen? Ass dat landeswäit ofgeschloss? Maache mer och eng Evaluatioun vun deenen Zonen, well ee Phenomeen, dee mer jo musse feststellen, ass dee Phenomeen deen eis vläicht am meeschte Schwieregkeete mécht, dass all Héichwaasser en anert ass.

Soss war ee gewinnt, effektiv, dass Héichwaasser praktesch nëmmen op der Musel war, an do woussten d'Leit wéi se missten domat ëmgoen. Uganks 1990 si mer iwwerrascht ginn, et hat haaptsächlech d'Ënnersauer erwëscht. An, Här Clement, wann ech d'éinescht gesot hunn un der Atert och, dat war keng Kritik, mä da wollt ech drop opmierksam maachen, dass anscheinend - an dat hunn ech haut an där Diskussioun hei gemierkt - och zu Lëtzebuerg eppes nëmmen existéiert, wat duerch Biller festgehalen ass. Et ware keng Kameraen am Réidener Kanton, den 2. oder 3. Januar dëst Joer. Mä ech wëll lech awer soen, eleng a menger Gemeng stoungen zwee Dierfer ënner Waasser. De ganzen Zentrum vun Näerden stoung 40 bis 50 cm ënner Waasser, an dat fir lech drop opmierksam ze maachen, dass an der Tëschenzäit, well mer aner Héichwaasserproblemer hu wéi an de 50er a 60er Joren, et haut e Phenomeen ass deen d'office all Gemeng concernéiert.

Et ass net esou wéi den Här Weiler dat hei wëllt gleewen dinn, dass nëmmen eng hallef Dosë Gemengen un der Ënnersauer, un der Musel vum Phenomeen concernéiert sinn an déi nëmme Käschten hätten. Och ech kéint lech aus eisem Budget vun deene leschten zéng Joer e ganze Koup Millioune weisen, wou mir preventiv Moossname geholl hunn, wou mer Etüden an Optrag ginn hunn. Déi Leit, déi an eisen Dierfer de ganze Keller voll haten, déi hate grad esou vill Problemer wéi déi Leit entzwousch anescht.

Ech hu just dat Gefill, dass och dat nach net esou richteg an d'Käpp eropkomm ass, well dat vläicht manner spektakulär ass, et éischter dat eent oder anert Duerf ass, an dass et natierlech méi konzentréiert a méi gewalteg ass op der Ënnersauer wéi op der Musel, mä och an anere Géigende vum Land hu Gemenge sech scho Käschte gemaach a sinn och ganz konkret dermat konfrontéiert. Dofir meng Fro: Ginn déi Héichwaasseriwwerschwemmungsgebidder regelmässeg ugepasst opgrond vun ëmmer neie Phenomeener, déi mer hunn? Ech mengen, dat vun 1998 war nach méi spezifesch. Do war praktesch nëmmen de ganze Weste concernéiert, mä dat war éischter opgrond vun engem Wieder wat komm war.

Da si jo och, wéi gesot ginn ass, eng Rei vu punktuelle Schutzmoossname geholl ginn an eng Rei Renaturéierungen an d'Wee geleet ginn. Leider, muss ee soen, war dat awer oft d'Initiativ vun de Gemengen. Ierpeldeng ass ernimmt ginn, och anerer, a mir ginn dat Gefill net lass, dass déi eenzel Moossnamen net Bestanddeel si vun engem kohärente Konzept, an da kommen och Diskussiounen op. Da kënnt et vir, dass Leit vu Rouspert a vun lechternach mengen, si hätten elo drënner ze leiden, dass ebe grad zu Angelduerf eng Rei positiv Moossname geholl gi sinn, dass do eng Mauer gebaut ginn ass an esou weider. Och dat huet domat ze dinn, dass net e kohärent Konzept iwwert de Bassin versant gemaach gëtt, net mat alle Gemengen diskutéiert gëtt an och no baussen der Populatioun et net bekannt gëtt.

Wou hu mer da Konzepter fir d'ganz Ënnersauer? Wéi ass et mat der Musel? Wéi ass et mat der Finanzéierung? Ech perséinlech sinn der Meenung, dass ee misst déi Moossname wierklech zu 90% bezuelen. Wa mer Ofwaasserkollekteren, wat eigentlech eng initial Gemengenaufgab ass, kënnen zu 90% finanzéieren, da plädéieren ech awer derfir, dass mer déi ganz Héichwaasserschutzmoossnamen, déi jo wierklech awer zumindest eng regional wa keng national Incidence hunn, dass déi wierklech zu 90% iwwert den Ëmweltfong finanzéiert ginn. Et liicht mer net an, firwat dass een do soll eng Differenz maachen.

Ech vermëssen an deenen eenzelne Projeten eng kloer Linn. Et ass jo awer och e bëssen d'Ursaach, mengen ech, vun där feelender Linn, dass all eenzelne Projet erëm total undiskutéiert gëtt. All Renaturéierung suergt ëmmer erëm fir Schlagzeilen an där jeeweileger Gemeng, an de landwirtschaftlechen Zeitunge freides. Dat huet och domat ze dinn. Mir missten eng Kéier no bausse soen, wat dat generellt Konzept ass. Déi eng si fir ausbaggeren, déi aner si fir d'Erhéijung vum Flossbett. Déi eng si fir kënschtlech Réckhaltebecken, déi aner si fir natierlech Réckhaltebecken. Ech mengen et gëtt Zäit dass d'Regierung sech och vläicht eng Kommunikatiounsstrategie zurecht leet an ee fir allemol mat all hire Ministèren a Verwaltungen, déi concernéiert sinn, bei d'Gemenge geet, bei gewësse Beruffsgruppen a seet: Voilà, dat hei ass eist Konzept fir mam Phenomeen Héichwaasser lokal, regional, national ëmzegoen. Wann dat bis eemol kloer ass a wann net d'Gefill opkënnt, dat wier iergendeng Iddi vun iergendengem héijergestallte Beamten, deen elo wëllt do säin Hobby maachen a Renaturéierungen duerch d'ganzt Lëtzebuerger Land verkafe goen, da mengen ech ass et och an Zukunft sécherlech méi einfach fir dat do bei de Leit duerchzebréngen. Ech fäerte soss riskéiere mer wierklech, dass all Projet scho bal zerried ass, ier en um Dësch ass.

An dem Kontext vu Renaturéierung muss een awer och d'Fro stellen, ob dës Regierung bereet ass, wann all déi aner Konzepter net méi gräifen, all Gespréich net méi gutt ass, fir eventuell awer Enteegnungen ze maachen, oder si mer der Meenung, dass een nach ëmmer nëmme kann enteegne fir Stroossen ze bauen, awer net wann den Intérêt national fir aner Saachen un der Rei ass.

Bei der Fréiwarnung schénge jo Verbesserungen ze sinn. Och do huet een nach Kriticken héieren. Ass dat Fréiwarnsystem deemnächst fir d'ganzt Land operationell, oder beschränke mer et nach ëmmer nëmmen op d'Musel an d'Sauer?

E Wuert, ier ech zu de Konklusioune kommen, zu den Hëllefskräften. Hei muss een zwou Saachen ënnerscheeden. Ech mengen, et geet net drëm déi honnerten, déi dausende vu Leit ze kritiséieren, déi all déi Nuechten an deeglaang ënnerwee sinn, mä wann ee selwer, wéi ech dann och, mat um Terrain war, da muss een awer feststellen, dass mer e Problem vun de Strukturen hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei enger nationaler Katastroph wéi déi do ass de System mam 112, wou op enger Plaz e puer Leit sëtzen, déi dausende vun Telefone mussen entgéint huelen, net méi zäitgeméiss. Dat kann net fonctionnéieren. Wéi soll deen um 112 wëssen, wéi ee Pompjee e soll wou zu Näerden, zu Kolpech oder zu Réiden hi schécken. Do brauche mer hallefprofessionell...

M. le Président.- Här Gira, wann ech gelift, ech wollt lech just eng Bemierkung maachen. Dir hutt 15 Minutten Zäit. Fir unzefänken hutt Der zwou Minutte polemiséiert ier Der ugefaangen hutt mat schwätzen. Elo sidd Der e bëssche kuerz. Ech géif lech bieden, lech fäerdeg ze maachen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Et steet dem President vun der Chamber net zou, hei ze jugéieren, wat deen een oder deen aneren op der Tribün seet.

M. le Président.- Här Bausch, Dir hutt 15 Minutten an déi 15 Minutte sinn eriwwer.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Déi do Interventioun vum President freet mech. Et confirméiert genau dat, wat ech am Ufank gesot hunn. Bei gewësse Leit gëtt hei mat der Stoppauer gemooss, ënner anerem bei mir an haaptsächlech wa mir eppes ze soen hunn. Bei anere Leit huet kee Mënsch eppes gesot. Och aner Leit waren haut schonn, Här President, iwwert d'Zäit. Do ass näischt gesot ginn. Entweder mer schelle bei jiddferengem, wa seng Zäit ëm ass, oder mer schelle bei kengem. Ech stelle fest, ech sinn ëmmer derbäi. Et ass genau dat, wat ech wollt soen. Dir confirméiert mech.

Ech sinn der Meenung, - ech hunn nach fir annerhallef Minutt -, dass et zu enger Professionaliséierung vun eisem Service d'urgence muss kommen. Ech hunn dofir plädéiert wéi de Projet de loi an d'Kommissioun komm ass, fir nach eng Kéier méi substanziell nozedenken an eis ze iwwerleeën, ob mer net um Terrain längst lénks iwwerholl gi si vun de Realitéite bei dem Projet de loi iwwert d'Pompjeeën an iwwert d'Protection civile.

Den Asaz den 2., 3. Januar huet mech erëm confirméiert doran, dass mer awer vläicht net méi zäitgeméiss organiséiert sinn. A wa mer wëlle preventiven Héichwaasserschutz maachen an dofir suergen dass esou mann wéi méiglech Schued entsteet, da mengen ech musse mer nach eng Kéier ganz seriö doriwwer nodenken. Ech wollt och froen, wou mer mat deem Gesetz dru sinn a wat d'Majoritéit an deem Beräich wëll maachen.

Schlussendlech zur Versigelung, wa mer déi wëlle méi kleng maachen, meng Froen: Wéi ass et mam Buedemschutzgesetz? Wéi ass et mat engem rationellen Ëmgang vum Buedem? Wéi ass et mat enger Reform vun der Grondsteier? Och déi gehéiert an deen heite Kontext. A schlussendlech: Si mer bereet och eng Versigelungssteier anzeféieren?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer regelméisseg, vill méi dacks wéi mer alleguerte wëllen, mat deem Phenomeen hei wäerte konfrontéiert ginn. Riseg Schied wäerten ugeriicht ginn, wann et hei net zu engem fundamentalen Ëmdenke kënnt. Déi punktuell Moossnamen, déi bis elo geschitt sinn, gi sécherlech net duer, an et ass ëmmer erëm erstaunlech festzestellen, dass mer bereet si riseg Zommen an techneschen Héichwaasserschutz ze investéieren, awer net bereet sinn nëmmen en Deel dovun an d'Ëmsetzung vun enger anerer Mobilitéit a vun enger anerer Energiepolitik ze maachen, obwuel mer domat mëttelfristeg méi géingen erreechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir déi Gréng ass Klimaschutz mëttel- a laangfristeg dee besseren Héichwaasserschutz. Et geet net duer Mauere laanscht eis Flëss opzeriichten, mä méi wichteg ass et un d'Ofrappe vun de Maueren an eise Käpp erunzegoen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Här Strotz, wann ech gelift.

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Héichwaasser, wat Naturévénementer sinn, déi zur Katastroph ausufere kënnen, komme méi oft, méi schnell a méi hefteg. Dat ass eng Feststellung, déi eis ze denke muss ginn an datt mir eis domadder ausernee musse setzen. Dofir ass och dem Här Weiler seng Interpellatioun hei ze begréissen. Wann ech d'Wuert ergräifen, da well ech mengen, datt ech weess vu wat ech schwätzen, well ech sëtzen nämlech all Kéiers matten am Héichwaasser perséinlech dran.

Mir mussen eis also mat der Problematik befaassen, net nëmme just esou laang bis d'Wunnengen, déi dovu betraff sinn, erëm dréche sinn, an dann nees alles vergiesse bis dat nächsten Héichwaasser kënnt. Neen, et gëllt elo Neel mat Käpp ze maachen an alles ze ënnerhuelen, fir déi verhehrend Auswierkungen, déi Katastrophenhéichwaasser ëmmer hannerléisst, ze verhënneren, respektiv esou kleng wéi méiglech ze halen.

D'Héichwaasser kënnt méi oft a méi hefteg. Schold doru sinn déi perturbéiert klimatesch Wiederverhältnisser, mat hiren enorme Reenidderschléi, déi ëmmer méi hefteg optrieden. Wat fir Ëmstänn déi Klima- respektiv Wiederveränneren och ëmmer beaflossen, doriwwer streide sech d'Fachleit. Et schéngt awer bewisen ze sinn, dass den $CO_2$-Ausstouss säint dozou bäidréit, dass d'Klimaveränneren op d'mannst méi séier viruginn.

De Programm vun der Regierung am Interesse vun alternativen, erneierbaren Energië léisst hoffen, dass mer eis Engagementer, déi mer zu Kyoto agaange sinn, och anhale kënnen. Gewosst awer, dass doduerch de Weltklima nëmmen äusserst minimal, fir net ze soe quasi guer net beaflosst gëtt, mer awer trotzdeem mussen an där Problematik mam gudde Beispill virgoen.

Hei muss also festgestallt ginn, dass wat d'Heefegkeet an d'Envergure vun den Héichwaasserkatastrophen, d'Leit déi un de Flëss wunnen a vum Héichwaasser betraff sinn, net schëlleg un hirem Misär sinn, mä dass et en allgemenge Phenomeen ass, un deem mer an iergendenger Form all mat dru schëlleg sinn, an dofir misst och d'Allgemengheet hëllefen de Problem an de Gréff ze kréien.

D'Héichwaasser kënnt méi schnell. Duerch Mënschenhand geschafe Veränneruge vun de Flosslandschaften, duerch d'Bauen an Iwwerschwemmungszonen, duerch d'Versigelung an d'Zoubetonnéiere vu risege Flächen, esouwuel vu Stat, Gemengen a privater Hand, ouni Schafung vun néidege Rétentiounsraim an esou weider, hunn dozou gefouert, dass d'Héichwaasserflut sech méi schnell fortbeweegt an de Leit, déi no beim Floss wunnen, besonnesch bei deene méi klenge Flëss, quasi keng Chance léisst fir sech virum Héichwaasser, mat all sengen negative Konsequenzen, ze schützen.

Dësen negativen Auswierkunge gëllt et also entgéint ze trieden. Och hei muss ech soen, dass et also net nëmmen déi sinn, déi un de Flëss wunnen, déi fir de Phenomeen zoustänneg sinn, mä dass och hei d'Allgemengheet, déi jo landeswäit, jo regiouneweis, an och iwwert d'Grenzen eraus eis Landschaft versigelt huet, e groussen Undeel um Misär dréit a folglech och mat responsabiliséiert misst ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, säit 1983 ass op der Musel, wat d'Héichwaassermeldungen ugeet, munches verbessert ginn. Villes bleift awer nach ze maachen, besonnesch och wat den Héichwaasserschutz ugeet. Dem Här Innenminister seng rezent Beméiungen an deem Dossier sinn ze begréissen a loossen hoffen. Ech huelen un datt den Här Minister dorop wäert agoen.

M. le Président.- Här Strotz, erlaabt mer, ech hunn dem Här Gira et misse soen, dass en iwwerzunn hätt, ech muss och soen, dass d'CSV elo hir Zäit erschöpft huet, mä den Här Gira hat dräi Minutte méi. Dir kënnt also och nach dräi Minutte schwätzen.

***(Interruption)***

Här Clement.

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Här President. Ech wëll lech just drop opmierksam maachen, datt den Här Gira den Här Weiler minimum zwou bis dräi Minutten ënnerbrach huet, an ech wëll lech och drop opmierksam maachen, datt während menger Ried, wou den Här President Spautz nach do war, den Här Di Bartolomeo, dee just dräi Minutten heibanne war, dräi Minutte geschwat huet mam Här Gira, wou ech net geschwat hunn. Och déi Zäit misst den Här Strotz bäikréien, well si ass der CSV ugerechent ginn.

M. le Président.- Wann Der lech e President gitt, deen ass do fir derfir ze suergen, dass ee wéi deen anere behandelt gëtt. Dat ass alles wat ech wëll soen.

Une voix.- Très bien!

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Säit den Héichwaasserkatastrophe vun '93 an '95, vun deene besonnesch d'Leit am Ënnere vum Land, als och laanscht d'Atert a laanscht d'Sauer betraff waren, ass an deene Géigenden och munches geschitt, dat esouwuel um Niveau vun Analysen an Etüde wéi och um Niveau vum Erstellen a Realisatioune

vu Projeten. Déi Mesuren hu schonn op eenzelne Plazen zu konkrete Verbesserungen um Terrain gefouert, an och do huelen ech hunn datt den Här Minister wäert drop agoen.

Mä et bleift awer nach villes ze maachen. Dat geet u bei der Schafung vun zousätzleche Rétentiounsraim. Hei ass all Gemeng aus dem ganze Land gefuerdert. D'Waasser muss iwwerall a landeswäit esou laang wéi méiglech zréckgehale ginn, fir et da lues an d'Baachen oder d'Flëss oflafen ze loossen. D'Héichwaasserviraussoe musse verbessert ginn. Dat hänkt enk mat de Wiederviraussoen zesummen, déi leider nach ëmmer zimlech ongenau sinn. Sechs Stonne Virwarnung ass awer ze kuerz fir kënnen all Schutzvirkéierungen ze treffen. Zousätzlech Pegele mussen agebaut gi fir kënnen den Afloss vun de klengen Zouflëss besser ënnert der Kontroll ze hunn an domat méi genau Viraussoe kënnen ze maachen.

Als Beispill wëll ech de Pegel vu Bollendorf ernimmen, dee beim leschten Héichwaasser deen enormen Zoufloss vun der Prüm iwwerhaapt net enregistréiere konnt, well en oberhalb vun der Sauermündung vun der Prüm läit.

Déi baulech Propositiounen aus den erstellten Etüde musse konsequent weidergefouert ginn, an dat bei Grenzflëss och grenziwwerschreidend. Dozou gehéieren déi néideg Kompensatiouns- a Rétentiounsraim laanscht Flëss a Baachen. Dozou gehéiert d'Oflagerung an d'Erweiderung vun den Uferen, ouni de Fong vun de Flëss an de Baachen an d'Luucht ze hiewen. Dat schéngt mer kontraproduktiv ze sinn. Dozou gehéiert en deelweist Ausbaggere vum Flossbett, an zwar do wou sech ze vill Sedimentatiounen a Geröll ofgelagert hunn. Dozou gehéiert och d'Ausbaggere vum Stauraum virun der Staumauer zu Rouspert. Hei muss déi ursprénglech Oflafcapacitéit vun 1.180 m³/Sekonn erëm hiergestallt ginn. De Stau huet sech am Laf vun den 43 Joer zu engem Drëttel mat Sedimenter opgefëllt. Och déi säitlech Rétentiounsräim si mat Sedimenter opgefëllt ginn, esou dass elo quasi nëmme méi 650 m³/Sekonn offléissen. Hei huet de Stat eng direkt Verflichtung.

Hien huet engersäits e Bauwierk an d'Sauer gesat fir Stroum ze produzéieren, ass awer anerersäits laut Statsvertrag vum 25. Abrëll 1950 d'Verflichtung agaangen dofir ze suergen, dass den Urainer op béide Säite vum Floss doduerch kee Schued entsteet. Et geet net duer, fir elo just esouvill auszebaggeren, dass genuch Waasser op d'Turbin leeft fir Stroum ze maachen. Neen, de ganze Stau muss, an dat op Käschte vum Statsbudget, eidel gemaach gi fir den Oflaf ze garantéieren.

D'Verflaachung vu Bëschungen an d'Ausbaggeren däerf net u Genehmegunge säitens der Ëmweltverwaltung scheiteren an och net derzou féieren, dass d'Dossierë méintelaang verschleeft ginn. Hei muss mateneen Hand an Hand am Interesse vum Héichwaassergeschiedegten agéiert ginn. En Timing muss opgestallt gi fir an eenzelnen Uertschaften, dass nees do wou et net anescht méiglech ass, Däicher, Rétentiounsmaueren, verbonne mat den néidege Waasserpompelstatiounen, ze aménagéieren. Déi zwou Saache gehéieren zesummen. Mauere bauen ouni Pompelstatioune bréngt näischt. Dat hu mer zu Iechternach beim leschten Héichwaasser konnte feststellen. Dofir gëllt et déi esou séier wéi méiglech nozebauen. Bei alle Mesuren, déi scho geholl si ginn an nach musse geholl ginn, muss ee wëssen, dass egal op wéi eng Referenzhéicht ee sech ofséchert, zum Beispill um 50-jähregen Héichwaasser, ëmmer e Reschtrisiko bestoe bleift, deen ni ënnerschätzt duerf ginn an ëmmer akalkuléiert muss bleiwen, wann een net wëllt onangenehm Iwwerraschungen erliewen. Dëst muss ëmmer am Hannerkapp vun de Leit, déi vum Héichwaasser betraff kënne ginn, present bleiwen.

Och muss, ier et zur Realisatioun vun Däiche an Rétentiounsmauere kënnt, eng Käschtennotzungsanalys gemaach ginn. Dovunner ass scho geschwat ginn. Mä all eenzelne Projet muss an engem Gesamtkonzept gesi ginn. Et kann net sinn op där enger Plaz sech ze schützen an doduerch deem aneren d'Waasser méi héich dohinner ze kéieren.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Wichteg bei enger Héichwaasserkatastroph ass d'Kommunikatioun tëschent de Verantwortleche vu Stat a Gemengen an der Bevölkerung. Villes huet sech an deene leschte Jore verbessert an dach bleiwen nach Mängel ze behiewen. D'Leit, déi concernéiert sinn, däerfen a kengem Moment an der Ongewëssheet par rapport zur Evolutioun vum Héichwaasser bleiwen. Dat bedeit, datt nieft de bekannte Kommunikatiounsmëttelen och eng regional an esouguer wann néideg eng kommunal Asazstell ageriicht muss ginn, wou d'Bevölkerung kann Hëllef ufroen, permanent, Dag an Nuecht, an och Informatiounen ofruffen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Kommt elo zum Schluss. Dir hutt d'Zäit scho laang iwwerschratt.

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Ech hat fënnef Minutte bäikritt, Här President.

***(Hilarité)***

Hëllefskräfte vir Uert kennen aus Erfahrung d'Situatioun am beschten an et muss een hinnen e grousse Merci ausspriechen fir hiren Asaz bei den Héichwaasserkatastrophen, si, déi onentgeltlech an oft deeglaang an der Bresch si fir de Sinistréierten ze hëllefen. Dass net ëmmer alles reibungslos ofleeft, ech mengen däers si mer eis bewosst. Déi Leit si jo och net dagdeeglech mat esou Katastrophe konfrontéiert, a wat se méi laang ausernee leien, déi Eenzel, déi net schonn emol eng Kéier mat derbäi waren, net ageschafft sinn.

Wann awer den Här Gira mengt, mir sollen op hallefprofessionell oder eventuell professionell Hëllefskräfte goen, näischt verhënnert hien als Buergermeeschter, och mat anere Gemengen zesummen, laut dem Gemengegesetz, e professionelle Corps a senger Gemeng anzeriichten, an da soll en emol kucke wat dat da géing kaschten.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Dat do ass Polemik!

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Dat ass keng Polemik. Dat steet am Gemengegesetz klipp a kloer esou dran.

Op de finanzielle Volet ass den Interpellant, de Kolleeg Lucien Weiler, agaangen. Ech hoffen uganks vu menger Interventioun kloer gemaach ze hunn, dass d'Héichwaasserkatastroph net vun den Urainer an de Urainergemenge verschëlt ass an dass dofir bei der Bewältegung vun där Problematik, besonnesch och der domadder verbonnener finanzieller Problematik, et zu engem Ëmdenke muss kommen. Hei muss eng national, wann net zumindest eng deelnational partizipativ Solidaritéit zum Droe kommen. D'Privatleit an d'Gemengen duerfen net am Stach gelooss ginn an eng Léisung wéi an Däitschland wier ustriewenswäert. Dat heescht, do ginn 90% vum Stat iwwerholl.

Une voix.- Très bien!

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäi Beitrag zu dëser Debatt war a kengem Fall geduecht fir als Kritik un iergendengem jëtzege Responsable vu Regierung, Gemengen a Verwaltungen unzegesinn.

***(Interruptions diverses)***

Dofir ass an der leschter Zäit ze vill geschitt um Gebitt vun der Héichwaasserproblematik, a besonnesch de jëtzege Minister huet sech ganz vill Mériter an där Problematik ugëeegent. Et sollte just e puer praktesch Ureegunge sinn, déi mat derzou bäidroe solle fir esou schnell an esou gutt wéi méiglech eng net einfach Problematik an de Grëff ze kréien.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- De leschten Diskussiounsriedner ass den Här Gusty Graas. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, regelméisseg kritt de Mënsch jo vun der Natur seng Grenzen opgezeechent. Et gëtt Naturgewalte géint déi mer eis schwéier wiere kënnen, an dozou gehéiert ouni Zweifel och d'Héichwaasser. Zënter Jorhonnerten ass d'Mënschheet dëser Problematik ausgesat an honnertdausende vu Leit hu jo leider schonn hiert Liewen esou verluer. Virun allem an de Länner vun der Drëtter Welt sinn esou Katastrophe vill méi regelméisseg. Dat ass och doduerch bedéngt, well d'Leit do a vill méi einfache Konditioune liewen an dee Moment eben déi räissend Flute vun deene Flëss alles mat ewechdrécken.

Mä och hei zu Lëtzebuerg gi mer leider net vun dem Phenomeen vun den Iwwerschwemmunge verschount. Milliounen Euro Schued gouf et och schonn ouni Zweifel an deene leschte Jorzéngten an dësem Land. Ech wëll nëmmen un déi zwou grouss Katastrophe vun 1993 respektiv 1995 erënneren. Do dernieft ware leider och nach eng Rei aner Katastrophen ze verzeechnen. Och Ufanks Januar vun dësem Joer war eemol méi d'Land op ville Plaz vum Héichwaasser heemgesicht ginn, obwuel d'Awunner laanscht eis Haaptflëss, an ech denken hei un éischter Linn natierlech un d'Musel, quasi gewinnt si mat dem Phenomeen Héichwaasser ëmzegoen. Et fält awer dach op, datt a ville Regioune vum Land, wou méi kleng Gewässer sinn, sech lues a lues och méi Héichwaasserkatastrophen an deene leschte Joren agestallt hunn.

An da muss een awer zumindest zwou Froe stellen. Déi éischt ass déi, ob ee kann eng Relatioun hierzéien zwëschent der zousätzlecher Versigelung vun eisem Land an de permanenten oder méi regelméissegen Héichwaasserkatastrophen, an zweetens ob dëse Phenomeen a Relatioun ze setzen ass mat de Klimaveränneringen.

Ech menge béid Froe kann een oder muss ee mat engem Jo beäntwerten. Dat ass op jidde Fall d'Meenung vu ganz villen Expären an et gi jo eng Rei vu Statistiken, déi dat kloer beweisen. Och wa mir als klengt Land selbstverständlech eise Bäitrag zu dem Klimaschutz bäidroe mussen, esou si mer awer esou realistesch, datt mir dee planetaresche Problem jiddefalls vun hei aus net an de Grëff kréie kënnen.

Ech mengen awer hei ënnersträichen ze mussen, datt mer virun allem um preventive Plang awer gewësse Moossname kënnen an d'Wee leeden, an dowéinst ass et och wichteg dass een e Gesamtkonzept entwéckelt, wéi een hei zu Lëtzebuerg ka méi preventiv géint d'Héichwaasserkatastrophe virgoen. Et muss ee ganz éierlech sinn, an deene leschte Jorzéngte si jo awer eng Rei vu gravë Bautefeeler gemaach ginn, well zimlech hemmungslos jo awer queesch duerch d'Land an eng ganz Rei vun Iwwerschwemmunszone gebaut ginn ass an doduerch dann och déi natierlech Morphologie vun de Gewässerleef zu engem gudden Deel zerstéiert ginn ass. Naturfern Uferbegradigunge si virgeholl ginn. Et gesäit een dat queesch duerch d'Land, wou Ufere stabiliséiert goufe mat Palplanchen, mat Steng a mat Bëtonsmaueren.

Dann, wéi gesot, sinn awer och vill Iwwerschwemmungszonen zu engem Deel verbaut ginn. Ech wëll op ee Beispill hiweisen, wat zwar elo aus dem Ausland ass, mä wat awer illustréiert wéi duerch déi permanent Zersiedelung awer natierlech Rétentiounsraim zerstéiert goufen, an zwar ass dat e Beispill vum Rhäin. Esou sinn tëschent Kembs a Karlsruhe am Laf vun 200 Joer iwwer 85% vun den Iwwerschwemmungszone verluer gaang. Mä, wéi gesot, och bei eis huet sech leider e bëssen esou eng Entwécklung agesat.

Dat huet natierlech och eng negativ Konsequenz op d'Gewässerstruktur gehat an d'Waasser kann eben op ville Plazen duerfir net méi op eng natierlech Aart a Weis an de Buedem asickeren. Dowéinst kënnt dann och vill Iwwerflächewaasser a leider oft och Ofwaasser direkt an d'Flëss, wat zu deene Konsequenzen da féiert. Dat erkläert ënner anerem eben och déi kuerz awer hefteg Iwwerschwemmungen, déi mer an deene leschte Jore kennen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat kann een also dann elo ausser deene méi technesche Moossnamen, vun deenen elo jo vill hei geschwat ginn ass, awer nach maache fir méi preventiv géint d'Héichwaasser virzegoen? Un éischter Linn mussen natierlech eis Gewässerleef, an dat gëllt awer och fir déi klengste Baach, dat wëll ech hei emol ënnersträichen, esou wäit wéi méiglech renaturéiert ginn. D'Méandrë mussen erëm hiergestallt ginn a virun allem, wéi gesot, déi naturfern Uferbegradigungen och esou wäit wéi méiglech erëm écartéiert ginn.

Dës Moossname géingen natierlech awer och zu enger verstäerkter, zu enger erhéichter Selbstrengegungskraaft vun engem Floss bäidroen, wat sech jo awer dee Moment och positiv op d'Qualitéit vun engem Gewässer kann auswierken. Dat hätt, wéi gesot, dann och e positiven Impakt op déi gesamt Waasserfauna. Prioritär misst also versicht ginn op Basis vun engem Répertoire sämtlech Gewässerleef hei zu Lëtzebuerg, an dat gëllt souguer fir déi klengste Bächelchen, opzeläschten, wou ee ka Renaturéierungsmoossnamen an d'Wee leeden.

Ech si mer natierlech bewosst, datt dat net op alle Plaze méiglech ass, datt et och eng Illusioun ass sech virzestellen et kënnt een elo queesch duerch d'Land iwwerall Renaturéierungsmoossname maachen. Leider ass dat ebe wéi gesot op ville Plazen, besonnesch an Agglomeratiounen net méi esou méiglech, well eben do am Laf vun de Jorzéngten ze vill no un d'Baachen an un d'Flëss gebaut gouf.

Op verschidde Plaze wierkt natierlech awer och d'Renaturéierung e bësselche wéi e rout Duch. An d'Panneauen, Här Strotz, - da kann ech Iech och direkt eng Äntwert ginn - am Réiserbann schwätze jo och hir eege Sprooch. An dach, mengen ech awer, datt ee verstäerkt misst e politesche Courage opbrénge fir déi Schied, déi mer laanscht eis Gewässerleef gemaach hunn, esou wäit wéi méiglech awer och erëm ze behiewen.

D'Urainer vun de Flossleef mussen natierlech fréizäiteg awer an dee Prozess mat integréiert ginn an ech denken hei ganz kloer un éischter Linn un d'Landwirtschaft, well wa si gegebenenfalls Terrainë verléiert laanscht d'Gewässerleef, well Renaturéierungsmoossnamen an d'Wee geleet ginn, da mengen ech awer wier et selbstverständlech, datt iwwer Kompensatiounsmoossname muss nogeduecht ginn, sief dat iwwert de Wee vun Echangë vun Terrainen oder sief dat iwwer finanziell Entschiedegungen. Mä eppes ass ganz kloer, well et sech awer hei ëm eng national Problematik handelt, däerfe jiddefalls partikular Interessen net am Vierdergrond stoen.

Et muss een awer och fairerweis hei ënnersträichen, datt jo an deene leschte Joren eng Rei vun Efforte gemaach goufen an och deelweis en Ëmdenken ze erkennen ass. Ech wëll hei op e puer gutt Beispiller hiweisen, zum Beispill d'Renaturéierung vun der Uelzecht am Raum Steesel, Walfer oder och am Süden am Raum Schëffleng. Och d'Verbreedung vun der Sauer am Raum Angelduerf huet net nëmme positiv Effekter op d'Héichwaasser mat sech bruecht, mä huet awer och mat Sécherheet eng Verbesserung vun der Qualitéit vun dem Waasser no sech gezunn.

Allerdéngs, wa mer e bësselchen duerch d'Land ginn, da gesi mer, datt nach ze vill Baachen a Flëss tëschent Bëtonsmaueren erdréckt ginn. Ech ginn dovun aus an hoffen op jidde Fall, wann d'Waasserwirtschaftsamt bis definitiv steet, an dat wäert jo och net méi eng Éiwegkeet daueren, datt mer dann zumindest e bessert Instrument hu fir kënne méi eng geziilte Renaturéierungspolitik an d'Wee ze leeden.

An de leschte Jore si jo dernieft eng Rei vun Iwwerschwemmungszonen ausgewise ginn an am Ganze goufe jo, mengen ech, eng 23 groussherzoglech Reglementer geholl, wat ouni Zweifel och luewenswäert Initiative sinn. Dat ass natierlech eng Politik, déi an Zukunft nach méi konsequent muss weiderverfollegt ginn, an hei soll och en Appel un eis Gemenge goen, fir besonnesch an hirem PAG där ganzer Problematik do Rechnung ze droen a se och deementspriechend unzepassen.

Op der anerer Säit schéngt et mer awer och evident ze sinn, datt u kenger Baach a wéi gesot net un deem klengste Gewässerlaf Regulariséierungsmoossname méi däerfe virgeholl ginn, déi iergendwéi eng negativ Inzidenz op den ekologesche System vun deem Gewässerlaf hätten. Da si mer natierlech och ganz séier beim Thema Ausbaggeren, dat ass hei vun e puer Kolleege scho virdrun ugeschnidde ginn.

Ech soe ganz éierlech, datt ech do vill méi reservéiert vis-à-vis vun deene Moossname sinn, woubäi een allerdéngs net ausschléisse soll, datt punktuell gegebenenfalls kéinte gewëssen Ausbaggerungsaarbechte virgeholl ginn, mä ech warnen awer virdrun, fir eis Baggeren elo an d'Flëssleef ze schécken an dann aus de Flëssleef Kanaler ze maachen, datt mer d'Sedimenter vun deene Gewässerleef zerstéieren, wat ökologesch ganz negativ Konsequenze géing mat sech zéien.

E weidere Problem besteet natierlech awer och dodran, datt no staarke Reefäll eis Kanalisatiounssystemer oft hoffnungslos iwwerlaascht sinn, an datt dann déi sougenannten Déversoiren opsprangen an dann d'Waasser an enger konzentréierter Form an déi éischtbescht Gewässerleef gefouert gëtt, mat deene Konsequenzen déi mer kennen. Dat bréngt natierlech net nëmme vum ekologesche Standpunkt hier ganz grave Konsequenze mat sech.

Ech erënneren zum Beispill drun, datt et am leschte Summer am Raum Alzeng/Hesper zu engem gréissere Fëschstierwe komm war, eleng bedéngt duerch deen doten Phenomeen, well eben no engem gréissere Wieder d'Waasser net méi konnt duerch de Kanalisatiounssystem offléissen. D'Déversoirë sinn opgesprongen a well et Woche virdrun net gereent hat, ass natierlech de ganze Schmorri mat

an d'Gewässer komm, mat der Konsequenz, wéi gesot, datt ganz vill Fësch do futti gaange sinn.

Dowéinst missten an Zukunft eben nach verstäerkt Reenréckhaltebecken aménagéiert ginn. Mir hunn der, mengen ech, eng ronn 60 hei am Land. Et ass jo virgesinn, an hei beruffen ech mech op eng Question parlementaire, déi ech dem Minister de 6. September 2002 gestallt hat, dat war d'Question parlementaire 1815, an do huet de Minister ugekënnegt, datt nach eng ronn 100 Réckhaltebecken dann hei am Land sollen aménagéiert ginn, esou datt praktesch all gréisser Ofwässerréseaue vun de gréisseren Agglomeratioune géingen dee Moment couvréiert ginn.

Och mengen ech nach eng Kéier ënnersträichen ze missen, wat ech schonn eng Kéier gesot hunn, datt an Zukunft, wann en neit Lotissement décidéiert gëtt, am Virfeld awer och misst eng Etüd gemaach ginn, wat fir en Impakt dat huet op déi ganz Ofwässerproblematik a virun allem awer och op d'Héichwaasser.

Aner mënschlech Aktivitéite wierke sech natierlech och negativ op d'Gewässerstrukturen aus an droen ouni Zweifel zu Héichwaasser bäi. Ech denken hei zum Beispill un déi nach wie vor ze erkennend Buedemverdichtung, déi natierlech duerch den Asaz vu schwéiere Maschinnen um Niveau vun der Landwirtschaft entsteet. E Grond méi u sech fir där méi extensiver Landwirtschaft an Zukunft gréisser Verstäerkung zoukommen ze loossen. Mä och de Kahlschlag an de Bëscher, an ech mengen dat ass hei nach net ugeschwat ginn, huet awer och en negativen Impakt op d'Héichwaasserproblematik. Och d'Ëmwandlung vu Grénglan an Aackerland dréit ouni Zweifel dozou bäi, datt natierlech Rétentiounsräim lues a lues verluer ginn, wat sech dann och negativ auswierkt.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, ech wollt den Här Graas froen, ob him bekannt ass, datt hei zu Lëtzebuerg den Undeel Grénglan par rapport zum Aackerland an deene leschte Jore konstant geklommen ass.

M. Gusty Graas *(DP).*- Ech hunn hei u sech méi allgemeng Iddien opgelëscht, wéi ee ka global géint Héichwaasser virgoen. Wéi gesot, dat ass keen nationale Problem, dat ass een internationale Problem. Ech si ganz éierlech, ech kann Iech net dee prozentualen Undeel soen, ech soe just datt dat awer och ee vu ville Facteuren ass, deen dozou bäidréit datt, wann d'Buedemversigelung méi grouss gëtt, d'Waasser dee Moment net kann op eng natierlech Aart a Weis ofsickeren. Do sidd Der jo mat mer d'accord?

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech kann ofschléissend nëmmen hoffen, datt mer am Beräich vun der Gewässeraménagéierung aus enger Rei vu Feeler, déi an der Vergaangenheet gemaach goufen, awer och elo geléiert hunn. Sécher si mer ni géint Héichwaasser an enger Rei vu sensibelen Zonen hei am Land gewappnet. Dat ass och scho virdru richtegerweis gesot ginn. Mä ech sinn awer och op där anerer Säit iwwerzeegt, wa mer weiderhin eng geziilte Renaturéierungspolitik maachen, datt mer a verschiddene Géigende wäerten erreechen, datt d'Awunner manner Problemer mat dem Héichwaasser wäerte kréien. Och wann et natierlech net déi allerleschte Léisung ass, ass et awer eng Politik, déi ouni Zweifel muss konsequent weider gefouert ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- DWuert huet elo den Här Innenminister Michel Wolter.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wéilt dem honorabelen Deputéierte Weiler merci soe fir déi Initiativ, déi e geholl huet in tempo non suspecto, nämlech virun deene leschten Héichwaasserphenomeener, déi mer kannt hunn, dës Interpellatioun unzefroen. Dat ass also net eng Reaktioun op e Phenomeen, dee komm ass, mä d'Suerg vun deem wat mer amgaange sinn ze maachen, nämlech sécher stellen, dass mer eng laangfristeg Politik bedreiwen, déi wuel de Phenomeen vum Héichwaasser net ka bekämpfen, well esou wäit si mer net, mä wou mer d'Konsequenze vum Héichwaasser op enger ganzer Rei vu Punkte besser aschätze léieren, d'Leit besser virwarne kënnen, an domadder d'Konsequenze fir Hab a Gutt a fir d'Leit och aneschters kënnen ugoe wéi dat virdru war.

Ech wëll net ze vill drop agoen, wëll awer betounen, dass Héichwaasser kee Lëtzebuerger Phenomeen ass. Eng Rei Virriedner hu gesot, dass et eppes ass, wat en internationale Phenomeen ass, an dass an deem Moment, wou mir dee Phenomeen zu Lëtzebuerg kannt hunn, hallef Europa déiselwecht Phenomeener kannt huet. A wann ech gekuckt hunn a gesinn hunn an de Berichterstattunge wéi d'Ausland mam Phenomeen ëmgaangen ass, da sinn ech absolut net der Meenung, dass mir méi schlecht do ofschneiden en règle générale, an dat op allen Niveauen, wéi mer dat an anere Géigende gesinn hunn.

Et ass och falsch fir duerzestellen, wéi wann d'Héichwaasser en neie Phenomeen wier. Eleng wat den Här Belling mer gesot huet, dass op der Musel de Pegel zu Réimech 6 m war, iwwer 1,5 m a Réimech, an dat säit dem Krich an de Joren 1947,1957, 1983, 1991, 1995, 2001, dat heescht et gesäit een, dass et net nëmme ka mat enger ganzer Rei vun Agréff ze dinn hunn, déi sécher Konsequenzen hunn, mä dass d'Natur an engem Op an Of Cyclen huet wou et méi reent an och méi konzentréiert reent a Cyclen huet wou dat manner de Fall ass.

D'Leit vum Centre de Recherche public Gabriel Lippmann, déi sech ganz intensiv mat de Phenomeener vum Waasser beschäftegen, an déi mer och als Expär dobäi hunn, wann et drëm geet eis Héichwaasserschutzmesuren auszeschaffen, sinn der Meenung, dass de wesentlechen Ënnerscheed hei zu Lëtzebuerg duerch eng verännert Klimasituatioun am Atlantik hiergefouert gëtt, déi méi a méi oft Waassermassen op de Kontinent bréngt wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war, ouni dass awer och si kënnen definitiv erklären wat de Grond dovunner ass, Waassermassen déi da bei deenen éischten Erhiewungen, déi se op hirem Wee fannen, fir eis sinn dat d'Ardennen, d'Waasser ofschëdden a mir dofir zu engem gewëssenen Deel méi oft mam Phenomeen betraff si wéi mer dat an der Vergaangenheet haten.

Ech wëll warne virun der Meenung, déi ech d'Impressioun hat bei deem engen oder deem aneren hei ze héieren, déi déi ass, dass all Héichwaasser déiselwecht Phenomeener hätt. Au contraire. Bei der Analys vun den Héichwaassere vun 1993, 1995 an 2003 stelle mer fest, dass den Ursprong an d'Auswierkungen op déi eenzel Landesdeeler ganz verschidde sinn. Am Joer 2003 ware mer konfrontéiert mat enger ganz laanger Reeperiod vu Mëtt Oktober 2002 un. Mir hunn um Findel vum 15. Oktober bis den 31. Dezember 350 mm Niddderschlag gemooss. Dat huet mat sech bruecht, dass d'Biedem extrem gesättegt waren, well d'Héichwaasser ass jo haaptsächlech e Phenomeen, dass d'Biedem gesättegt sinn an net méi kënnen am Fong hir natierlech Rétentioun spillen, well d'Biedem si jo déi natierlech Rétentiounspotenzialer par excellence, da leeft d'Waasser aneschters of, méi séier a méi konzentréiert wéi dat virdrun de Fall war.

Duerno koum ganz staarke Reen, wat komplett verschidde war zu den Héichwaassere vun 1993, 1995. Mir hate Spëtzten zu Käerch, am Westen, mat 92 mm an 48 Stonnen, wat statistesch all 64 Joer de Fall ass. Zu Klierf, am Norden, 74 mm an 48 Stonnen, dat ass all 19 Joer. Zu Altréier, am Osten, hate mer 65 mm, dat kënnt all 9 Joer do vir. An zu Schëffleng, am Süden, hate mer 45 mm, dat kënnt statistesch all 2 Joer vir.

Et war also eng Konzentratioun am Weste vum Land an der Géigend vu Käerch, haaptsächlech, an am Norde vu Land, dës Kéier am Éislek, respektiv am Raum Bitburg-Prüm, déi mat sech bruecht huet, dass d'Héichwaasser dës Kéier aneschters komm ass wéi dat vun 1993 a vun 1995. Dat huet dann och mat sech bruecht, dass d'Konzequenze sech aneschters gewisen hunn. Notamment kann ee keng Konklusiounen zéien op d'Héichwaassermesuren, déi zu Walfer an zu Steesel geholl si ginn, well duerch de Fait, dass verhältnismëisseg wéineg Waasser am Süde gefall ass, konnte mer nach keng verlässlech Konsequenzen a Konklusiounen aus den Héichwaassermesurë bis op Miersch praktesch zéien. D'Waasser ass haaptsächlech iwwert d'Atert dës Kéier komm, huet also mat sech bruecht, dass mer vu Miersch un de Phenomeen kannt hunn. Et ass net aus der Belsch komm, also kee Phenomeen Stausee a Sauer. Iwwert den Norde vum Land, Kehl, Prüm, der Our ass de Reen no an no komm, wat mat sech bruecht huet, dass mer ganz héicht Héichwaasser am Raum Iechternach an an den Uertschaften ënnendrënner haten, dat méi héich war wéi dat, wat mer 1993 an 1995 kannt hunn.

Et gëtt also, an dat wëll ech dem Interpellant soen, keng uniform Äntwerten op d'Héichwaasser. Mä all Héichwaasser ass aneschters, an och sécherlech dat nächst Héichwaasser, wat mer kréien, wäert nees geographesch aneschters gelagert sinn. Opgrond vun eiser klenger territorialer Envergure an opgrond vum Fait, dass eis Gewässer praktesch alleguerten nationalen Ursprung hunn, mat Ausnahm vun der Musel, déi ee separat muss kucken, musse mer kucken, ob net d'Méiglechkeet besteet eis engem méi grousse Verbund unzeschléissen, deen eis et géing erméigleche Mesuren ze huelen, déi relativ kuerzer Dauer wären, och d'Virlafzäit déi mer kënnen hunn hei am Land.

Wichteg ass et, an dat soll den Haaptdeel vu menger Interventioun sinn, drop opmierksam ze maachen, wat mer an deene leschten zéng Joer gemaach hunn. Ech soe bewosst an deene leschten zéng Joer, well d'Regierung huet 1993 a besonnesch 1995 ganz einschneidend Mesurë geholl, fir ze kucken an enger längerfristeger Perspektiv dem Phenomeen vum Héichwaasser Rechnung ze droen.

Mäi Virgänger, den Här Bodry, deen huet géint massiivste Widderstand an de Joren 1995 an 1996 d'Iwwerschwemmungsgebidder an net manner wéi 30 Gemenge probéiert auszeweisen. Dat war 1995 an 1996 trotz Widderstand méiglech, woubäi och hie ganz wéineg Kooperatioun bei de Gemengen deemools fonnt huet, well vun deenen 30 Gemengen, déi reglementaresch hätte misse festgeluecht sinn, ware ganz genau sechs Gemenge bereet et selbstständeg an hire PAG anzeféieren. Net manner wéi 23 Gemengen hu missen iwwer Règlement granducal praktesch gezwonge gi fir d'Héichwaasserzonen auszeweisen. An enger Gemeng, d'Gemeng Réiser, ass et iwwer d'Naturschutzreglement Réiserbann geregelt ginn.

Dat war eng ganz wichteg an eng éischt Mesure, déi d'Regierung also vun 1995 u geholl huet. Et huet bis zum Joer 2000 gedauert bis déi ofgeschloss war, well mer dat a Phasen hu misste maachen, nämlech déi fir ze kucken, wa mer schonn de Problem net kënne léisen, mä fir ze verhënneren, dass mer nach weider an Iwwerschwemmungsgebidder bauen. Dat war eng ganz wichteg reglementaresch Mesure. Ech wëll awer och soen, dass dat bis d'Joer 1998/1999 relativ gutt akzeptéiert ginn ass, mä dass ech awer festgestallt hu vum Joer 2000 un, dat huet am Joer 2001 an am Joer 2002 ganz staark ugehuewen, dass Particulieren higaange si bei d'Verwaltungsgeriicht, fir géint déi Décisiounen do ze kloen. Dat ass also ee Phenomeen an dee géif ech bieden, dass mer dee mierken. Jee méi laang dat lescht Héichwaasser eriwwer ass, fir méi d'Bereetschaft fir eppes ze änneren a fir eng laangfristeg Politik ze maachen, jee méi déi Bereetschaft ofhëlt, net nëmmen an de Gemengen, mä virun allem och bei de Leit. Elo nom Januar sinn nees ganz vill Leit zimlech excitéiert.

Am Joer 2001 an am Joer 2002 hate mer virun allem mat Leit ze kämpfen, déi der Meenung waren dass, obschonn hiren Terrain an d'Héichwaasserzon klasséiert gi wier, et dach net kënnt sinn, dass si net awer an déiselwecht Héichwaasserzon kënnte bauen.

Mir sinn op engem zweete Plang aktiv ginn no 1993, nämlech deen, dass bei der Protection civile e Système de préalerte agefouert ginn ass. Am Prinzip hu mer zwee Systèmes de préalerte: e Système de préalerte fir d'Anzugsgebitt vun der Sauer, dee bei der Protection civile ass, an ee fir d'Musel, deen iwwert de Service de Navigation, Ministère des Transports geregelt gëtt fir d'Problemer vun der Musel.

Ech hu virdru scho gesot, et kann een d'Sauer an d'Musel net mateenee vergläichen, wann ech d'Sauer huelen als Zoufloss vun allen anere Baachen a Gewässer, déi mer zu Lëtzebuerg hunn. Op der Sauer ass wéi gesot 1994 ugefaange ginn dee System opzebauen. Bis haut huet dat 1,5 Milliounen Euro, dat heescht 60 Milliounen aler Lëtzebuerger Frange kascht. Dat ass net onbeträchlech, wat de Stat finanzéiert huet. D'Virwarnzäit, déi dee System mat sech bréngt, ass awer maximal sechs Stonnen. Ech hunn och mat de Leit vum Centre de Recherche Public Gabriel Lippmann geschwat, well mer aus dem Héichwaasser vun 2003 nees eng Rei Erkenntnisser hunn. Mir wäerten och op där enger oder anerer Plaz nach zousätzlech Moossstatioune bäisetzen, wou mer vläicht deen een oder deen anere Vide hunn, mä si hunn awer vun Ufank u gesot, Dir däerft net dovunner ausgoen, dass dat mat sech bréngt, dass Der elo doduerch d'Virwarnzäit kënnt an d'Luucht setzen. Et gëtt eis éischter d'Méiglechkeet fir eng Rei vu Phenomener ze kucken.

Ech war zu Iechternach an enger Versammlung, wou och d'Biergerinitiativ vun Iechternach, déi sech konstituéiert huet, dozou geschwat huet. D'ailleurs war dat eng Versammlung wou ech fonnt hunn, dass déi Leit ganz verstänneg op de Problem agaange sinn a wou awer och d'Fro, firwat dass dann d'Leit, wa se gewarnt ginn, net direkt reagéieren, well et kann ee soen, sechs Stonnen ass net vill a sechs Stonnen ass awer vill, wann ee schonn am Virfeld eng Rei vu Mesuren individuell geholl huet, ass d'Äntwert déi, dass d'Leit ëmmer soen, mä mir hoffen awer ëmmer nach dass näischt passéiert. Mir hoffe bis zum Schluss, dass dann awer déi Prévisioun, déi och regelméisseg iwwert de Radio kënnt, déi mer um Internet hunn, net antrëtt, an dann iergendwann eng Kéier kënnt d'Situatioun wou d'Waasser dann awer kënnt an dann ass et ganz oft ze spéit. Ech kommen zum Schluss nach dorobber zréck.

D'Musel ass ganz aneschters ze gesinn. D'Musel ass e Kanal säit 1964. D'Virwarnzäit ass vill méi grouss. Mir wëssen do vill méi genau wéi et kënnt a mir hunn d'Méiglechkeet mindestens 12 Stonnen, an deenen eenzelne Fäll praktesch bis zu 24 Stonnen am Virfeld ze wëssen. Ech hunn och festgestallt, dass d'Leit op der Musel extrem genau wësse wa gesot gëtt, de Pegel do an do ass elo esou an esou. Da wëssen déi relativ genau wat d'Konsequenz op si innerhalb vun deenen nächste Stonnen ass. Wéi een och feststellt, dass d'Leit vun der Musel, well se scho vill méi laang mat deem Phenomeen a méi regelméisseg domadder konfrontéiert sinn, och individuell an hiren Haiser ganz aner Dispositiounen hunn.

Wat wëlle mer verbesseren oder nach maachen, net en conclusion vum Héichwaasser vun elo, mä allgemeng si mer amgaangen, zesumme mam Ministère des Transports, d'Kompetenz vun deenen zwee Systemer beieneen ze féieren an déi an der Administration de la Gestion de l'Eau unzesidelen. Mir si säit enger ganzer Rei vun Zäit an Diskussioun mat der Hochwassermeldezentral Tréier, déi e ganz performante System huet a mat deene mer ganz enk elo schonn zesumme schaffen an och den Échange vun Donnéeë maachen, a mir wëllen eise System nach méi no un hire System erubréngen, fir nach besser Prévisioune kënnen unzebidden.

Ech hu gesot, mir wëllen nei Miessstatiounen, besonnesch am Anzugsgebitt vun der Sauer, maachen, fir méi prezis op gewësse Lokalitéite bei der Sauer kënnen anzegoen, ouni dass mer, dat muss ech nach eng Kéier soen, doduerch d'Virwarnzäit erheblech kënne verbesseren. A mir si virun allem amgaangen un engem System ze schaffen, fir d'Informatioun vun der Bevölkerung nach ze verbesseren. Duerch d'Informatioun am Radio, déi awer leeft, muss ech soen: Mir stelle fest, dass ganz oft d'Leit mat de Pegelen nach net, besonnesch am Anzugsgebitt vun der Sauer, alles kënnen domadder ufänken an dass mer do musse kucke besser Sécherheeten ze schafen. Dorunner si meng Leit amgaangen ze schaffen.

Mir sinn amgaangen eng Internetsäit, déi elo relativ séier misst fäerdeg gestallt sinn, op d'Been ze setzen, fir d'Pegelstänn kënnen drop ze setzen en permanence, dass praktesch de System automatesch d'Pegelstänn op d'Internetsäit gëtt, fir dass d'Leit d'Informatioun hunn. Ech hunn och menge Leit gesot dass ech gären hätt, dass eng Broschür géif ausgeschafft ginn zum Thema Bewältegung vum Héichwaasser, besonnesch dat am Kontext mam eenzelne Bierger, well mer festgestallt hunn, och dës Kéier nach zu Iechternach an op anere Plazen, dass, trotzdeem 1993, 1995 scho laang hier ass, dass nach net alles geschitt ass, och um Niveau vun deenen Eenzelnen, wann et drëm geet déi Mesuren, déi net ëmmer ganz deier sinn, auszenotzen, déi all Eenzelnen huet fir och beim him d'Situatioun kënnen ze verbesseren.

Mir hunn e System an all Gemeng, wou d'Leit wësse wa se am Héichwaasser sinn, well mer d'Héichwaasserzone jo hunn, ob hiert Haus am Héichwaasser ass. Et ass also un der Gemeng, um Stat fir eng Rei Mesuren ze maachen, mä mir sinn der Meenung, dass mer och deen Eenzelne mussen driwwer informéieren an och sensibiliséieren, dass hien nach eng Rei vu Saache kann zousätzlech maachen.

Et ass och d'Zesummespill vun deene verschiddenen Hëllefskräften ugeschwat ginn an hir Relatioun mat de Gemengen. Ech wëll mech deenen uschléissen, well ech dat 1995 gesinn hunn, wéi ech Minister gi sinn, an och hei all deene Fräiwëllegen déi um Niveau vun

de Pompjeeën an der Protection civile sech an den Déngscht vun deenen anere Leit setzen. Dat ass keng Selbstverständlechkeet. Déi Leit maachen dat, awer dat sinn honnerte vu Leit déi do am Asaz sinn, ouni, wéi och deen een oder deen anere scho gesot huet, dass dat ëmmer esou honoréiert gëtt, och vun deene Betraffenen, déi net ëmmer esou reagéiere wéi dat misst de Fall sinn.

Mä mir hu festgestallt, dass mer eng Rei vu Problemer haten, dass kee System géif bestoen. An der Protection civile ass an der Folleg vun 1993 eng ganz detailléiert Mise en place vun engem System am Fall vun Héichwaasser ausgeschafft ginn. Et geet vun enger Phase d'observation iwwer eng Phase de vigilance, Phase d'alerte, Compositioun vun enger Cellule de crise, d'Missioun vun der Cellule de crise, de post-operationnelle Local, dee gefrot gëtt, dee virgesinn ass, d'Information au public, déi misst gemaach ginn, haaptsächlech och um Niveau vun de Gemengen als weideren Träger niewent der Protection civile an niewent de Medien. Dat alles ass ausgeschafft ginn.

Mir hunn awer festgestallt, an dat huet héchstwahrscheinlech eppes domadder ze dinn dass, wann ee Phenomeener huet, déi net regelméisseg erëmkommen, datt déi relativ séier a Vergiessenheet geroden. Dat heescht, d'Gemenge si vun deenen dote Saachen informéiert ginn an der Zäit, och déi lokal Pompjeescorpsen, déi lokal Protection civile-Corpsë sinn informéiert ginn. Et huet een awer, dat hu mer net nëmmen an deem heite Fall, dat hu mer och bei anere Katastrophe rezent gemierkt, festgestallt, wann et dann eescht gëtt, dass am Fong den automatesche Reflex, deen doranner misst bestoen dann dat Referenzdokument erauszehuelen a sech dorunner ze halen, am Regelfall net gemaach gëtt. Entweder et ass de Changement du personnel oder de Changement vun de Politiker, déi Leit, déi sech eng Kéier domadder befaasst hunn, sech net méi domadder befaassen oder si erënnere sech einfach net méi drun, dass et esou eppes gëtt.

Ech wëll dat um Beispill vun Iechternach, well déi jo ganz staark an de Medie stoungen, soen. Et ass Mëttwochs den 1. Januar ëm 23.00 Auer bei enger Cote vun 3,23 Meter de Poste opérationnel zu Iechternach zesumme komm, an deem d'Gemeng, de Service d'Incendie, d'Protection civile stoungen, fir de Point vun der Situatioun ze maachen a fir de Poste opérationnel en place ze setzen, deen d'ailleurs während där ganzer Zäit bei der Protection civile bestanen huet. Donneschdeg den 2. Januar ëm 15.00 Auer, Cote 5,22 Meter, ass de Buergermeeschter perséinlech informéiert ginn driwwer, dass d'Cote vun 1993 héchstwahrscheinlech géif dépasséiert ginn.

Deeselwechten Dag um 14.30 Auer bei der Cote 5,20 Meter an um 17.30 Auer bei der Cote 5,26 Meter ass de lokale Poste opérationnel, dee bestanen huet, informéiert ginn, dass wann hien e Renfort en personnel brauch, wann hien e Renfort u Matériel bräicht, dass en iwwert de Kontakt mam 112 déi kéint ufroe mat Zäit, fir dass d'Protection civile sech kéint organiséieren um Niveau national, régional fir dat ze organiséieren.

Deeselwechten Dag um fënnef Auer huet d'Gemeng och Sandsäck op der Base nationale vu Lëntgen ewechgeholl, an zwar an där Quantitéit wéi si gemengt hunn, dass et utile wier, fir et ze maachen. Ech hu schonn op de Pressekonferenze gesot, dass mer vill méi Sandsäck zu Lëntgen leien hate wéi d'Gemengen der ugefrot haten, fir géint d'Héichwaasser ze kämpfen.

Freides den 3. Januar géint aacht Auer hunn déi responsabel Gemengepolitiker direkt télefonéiert op Hesper, op Esch, op Diddeleng an op Péiteng fir Renforten ze kréien, ouni dass awer do de Passage iwwert den 112 gemaach ginn ass, deen also net informéiert war iwwert déi doten Aktivitéit.

***(Interruption)***

Ja?

***(Interruption)***

Ah bon. Also hei ass en offiziellt Dokument, wat ech vun der Direktioun vun der Protection civile hunn.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Doduerch datt iwwert de Radio gesot ginn ass zu Iechternach wär Héichwaassergefor, et wär ganz héich, hunn déi Corpsë sech direkt zu Iechternach gemellt. Esou war et. Also do ass d'Protection civile court-circuitéiert ginn, wat net gutt war. Dee Feed-back huet net geklappt, mä dat war d'Generositéit vun deene Leit, déi…

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Ouni am Fong elo engem eng Schold wëllen ze ginn, wollt ech einfach mam Beispill hei weisen, dass et net nëmmen duer geet, dass ee Pläng huet, an dass et net nëmmen duer geet, dass een déi Pläng eng Kéier matdeelt, mä dass et wichteg ass, dass déi Pläng dann och regelméisseg duerchexercéiert ginn. Duerfir hunn ech den Direkter vun der Protection civile gebieden, als eng vun de Konklusiounen, déi mer hei gezunn hunn, fir net nëmmen e Plan d'intervention ze maachen, mä fir aus deem Plan d'intervention e Plan de crise „inondation" ze maachen.

Esou wéi mer ee fir Cattenom hunn an esou wéi mer ee fir grouss Geschichten hunn, hätt ech och gären dass mer e landeswäite Plang hunn am Kader vun den Inondatiounen, wou kloer determinéiert ass wat geschitt a wat fir enger Situatioun. Am Fong muss ee just dee Plang, dee mer haut hunn, ëmschreiwen, awer och duerfir suergen, dass e regelméisseg an deene Gemengen an an deene Regiounen, déi concernéiert sinn, dann duerchexercéiert gëtt, fir sécherzestellen dans la mesure du possible dass dat Zesummespill Protection civile, Pompjeeën a Gemenge fonctionnéiert. Dat ass fir mech extrem wichteg.

Eng drëtt Mesure déi gemaach ginn ass säit 1995, dat ass dass opwändeg Mesurë geholl gi sinn un de Gewässer an un de Schutzbauten. Ech wëll do soen: Net nëmmen un de Schutzbauten, och un de Gewässer! Et ass ganz vill geschafft ginn un de Gewässer. Bassins de rétention sinn notamment op ganz ville Plaze geschafe ginn an eng Gemeng kritt och am Intérieur, am Wasserwirtschaftsamt, nëmmen d'Autorisatioun fir Waasserschutzmesuren, dat heescht d'Autorisatioun fir Baumoossnamen duerchzeféieren, wa se duerch Etudes préalables gewisen huet, datt duerch aner Mesures compensatoires dat, wat duerch déi reell Schutzmoossname gemaach gëtt, op enger anerer Plaz kompenséiert gëtt.

Dat ass geschitt. Dat hu mer och säit dem Januar iwwert de Centre de recherche public Gabriel Lippmann kontrolléiere gelooss a mir wësse ganz genau, dass duerch déi Moossnamen, déi op ganz ville Plaze geholl si ginn, keen Héichwaasser op d'Gemengen hannendrun transportéiert ginn ass. Dat ass ganz kloer. Et si ganz vill Suen investéiert ginn, 30 Milliounen Euro.

An da komme mer zu deem Phenomeen, wou mer eng Kéier mussen driwwer diskutéieren, ech hu kee Problem domadder, dat ass dass de Ministère e Rôle incitateur huet. Deen hu mer vun 1996/1997 un. Mir hu Kataloge vu Mesuren de Gemenge ginn, vun 30 verschiddene Mesuren, déi applizéiert kënne ginn. Et ass domat ugefaange ginn an der viregter Regierung an et gëtt elo weidergefuer, andeems mat deenen eenzelne Gemengen gekuckt gëtt wat een u Mesuren iwerhaapt raisonnablement maache kann an et ginn Zäitraim ausgeschafft fir ze kucke wéini déi Mesuren dann duerchgefouert kënne ginn.

Am Regelfall ginn d'Mesuren net zu 50% subventionéiert, mä zu zwee Drëttel subventionéiert. Dat doduerch dass e gudden Deel vun de Mesuren, déi mussen duerchgefouert ginn, um Kanalisatiounsnetz duerchgefouert ginn. Dat sinn net nëmmen Hochwasserschutzmesuren. Déi ginn zu engem méi héijen Taux subventionéiert, esou dass mer festgestallt hunn, dass am Regelfall de Stat praktesch zwee Drëttel vun den Ausgaben, déi vun der Gemengesäit aus getätegt ginn, dann och subventionéiert.

De Fait, dass awer eng ganz Rei Mesuren, net nëmme wat esou klassescher wéi de Bau vu Maueren oder vu Schutzmoossnamen ubelaangt, mä dass ganz opwändeg Mesuren um Niveau vun der Kanalisatioun mat spille mussen, bedingt dass d'Gemengen awer och ganz genau hiert ganzt Kanalisatiounsnetz, hire ganze System iwwerdenke mussen. Do kann ech nees um Beispill vun Iechternach soen, datt do eng enorm Aarbecht gemaach ginn ass an all deene Jore fir dat ze maachen, mä dass et awer enger Gemeng onméiglech ass, och mam allerbeschte Wëllen, fir dat an engem Exercice oder an zwee Exercicer duerchzeféieren.

Wann Dir praktesch duerch Är ganz Gemeng Mesurë musst un de Kanalisatiounssystemer virhuelen, da musst Der dat a) en fonction vun de Moyens budgétaires maachen, mä zweetens och en fonction vun de Méiglechkeete maachen, wou d'Circulatioun nach oprechterhale ka ginn. Dir kënnt jo net ufänken an enger Stad wéi Iechternach, wat eng enk rasteresch Stad ass, op eemol sechs, siwen, aacht, néng Strooss mateneen opzemaachen. Souguer wann Der d'Suen hätt fir et ze maachen, da geet dat net, well lech dann de Verkéier komplett géif zesummebriechen an da wären d'Leit och net zefridden.

Et muss een also am Kader vun enger Gesamtstrategie, an dat gëtt an enger ganzer Rei Uertschaften awer gemaach, probéiere fir deem Phenomeen kënne Rechnung ze droen. Dat huet dann notamment zu Iechternach zur Konsequenz gehat, dass als eng vun den éischte Mesuren, soe mer emol esou, eng Mauer gebaut ginn ass, wat awer fälschlecherweis zur Konklusioun gefouert huet, dass gesot ginn ass: Mir maachen nëmmen eng Mauer an domadder ass d'Saach gehalen.

De Buergermeeschter, mengen ech, huet och glaubhaft de Leit konnten op där Biergerversammlung explizéieren, dass dat e ganz breeden a vastë Chantier ass, deen tëschent aacht an zéng Joer dauert. Hien huet jo och de Montant gesot, 500 Milliounen, déi do sollen investéiert ginn. Dat sinn extrem vill Suen an déi kritt een net an engem Joer hin.

Mä et ass awer, Dir Dammen an Dir Hären, un de Gemenge fir ze décidéieren a wat fir engem Rhythmus an a wat fir enger Mesure si déi Héichwaassermesuren duerchhuelen. Mir probéieren, dat mécht d'Wasserwirtschaftsamt entretemps, déi Mesuren net lokal, mä se regional ze gesinn. Et ass awer en fin de compte un deem eenzelne Gemengerot awer ze décidéieren, a wat fir engem Rhythmus dass d'Investissementer en dernière instance gemaach ginn.

Do muss ech soen, dass mer ganz ënnerschiddlech Situatiounen hunn. Zum Beispill hu mer d'Gemeng Ierpeldeng, ech soen et ëmmer, do ass den Här Rassel Buergermeeschter, dat ass e Mann, do kann ech den Hutt nëmme véierzengmol ofdoen, wann ech kucke wéi dee sech an déi Problematik an deene leschten zéng Joer eragesteigert huet a wéi hien et fäerdeg bruecht huet, dass och budgetär seng Gemeng déi Mesuren an engem Rhythmus duerchgefouert huet, wat fir eng ganz kleng Gemeng, well Ierpeldeng ass eng kleng Gemeng, en enormen Deel vu sengem extraordinairë Budget ausgemaach huet.

Par rapport dozou ginn et dann aner Buergermeeschteren, déi nom Prinzip fueren: „Ma d'Waasser kënnt jo net vun eis, et ass jo en nationale Problem, also hu mir näischt domadder ze dinn." Bis elo zum Héichwaasser 2003 waren déi Buergermeeschtere kaum bereet iwwerhaapt emol eng Etüd iwwer hir Gemeng an Optrag ze ginn. Mir hunn do also eng grouss Diskrepanz tëschent de Mesuren, déi déi eng an déi aner bereet sinn ze maachen.

D'ailleurs kënnt nach e Phenomeen dobäi. Mir schwätze jo ganz oft iwwert d'Ausbaggeren. D'Ausbaggere bréngt e bëssen eppes. Dat ass gutt fir d'Leit eppes gleewen ze dinn, mä en fin de compte bréngt et laangfristeg ganz wéineg. Virdrun hunn ech an engem Tëscheruff gesot, dass de Stausëi eng Capacité de rétention vun 9 Millioune $m^3$ huet tëschent dem Waasserstand 317 an 320 iwwert déi ganz Fläch vum Stausee, an déi ass jo beträchtlech. Dat wat d'Musel erofkënnt, dat sinn 3.000 Millioune $m^3$. Da kann ee sech jo virstelle wat fir eng Incidence dat huet, wann een an enger Baach oder an engem Floss en halwe Meter oder e Meter ausbaggert, wat dat bréngt, sachant pertinemment dass d'Ausbaggere fir e Joer oder zwee gutt ass an da fänkt een nees vu vir un, fir et ze maachen.

Mir sinn der Meenung, dass dat punktuell bei Brécken an anere Plaze soll gemaach ginn, dass een do effektiv de Problem muss an de Gréff huelen. Mäi Virgänger huet d'ailleurs, wat Rouspert ubelaangt, an dat ass haut e puermol ugeschwat ginn, eng Etüd am Joer 1998 maache gelooss. Déi Etüd seet, dass wa mer zu Rouspert ausbaggere géifen, dat zu Steenem dann notamment eng Incidence hätt vun aacht Zentimeter. Aacht Zentimeter, kann ee soen, sinn aacht Zentimeter, wann een awer weess, dass den Zentrum vu Steenem mat annerhalwem Meter am Waasser stoung, da kann ee soen, et wär dann aacht Zentimeter manner, mä dat spillt sech haaptsächlech méi wäit of an et hëlleft deene Leit, déi wierklech konfrontéiert si mam Problem, net allze vill.

Ech wiere mech awer net dergéint och mat där Gemeng elo eng Kéier sur leur demande zesummenzekommen, fir nach eng Kéier mat de Spezialisten ze kucken am Kader vun deenen Aarbechten, déi souwisou bei der Rousperter Staumauer elo gemaach ginn, fir do eng Mesure ze maachen, mä et däerf een net d'Leit gleewen dinn, dass dat d'Léisung vun de Problemer wär.

D'Gemenge stousse sech awer, an dat muss een och soen, ganz oft, wa se déi Mesurë maache wëllen déi méi bréngen, nämlech fir d'Ufere méi breet ze fueren, och un de Propriétairen. Ech sinn x-mol Buergermeeschtere begéint, déi mer gesot hunn: Mir wollten op dëser oder där Plaz eng Mesure maachen, mä de Propriétaire huet eis den Terrain net zur Verfügung gestallt aus allméigleche Grënn. Mir konnten en net kafen oder d'Leit hu carrément gesot: Nee, mir sinn net interesséiert fir esou eng Mesure ze maachen.

Duerfir soen ech och, do muss een, wéi bei ville Saachen, driwwer nodenken: Si mer mat deem System zefridden? An da si mer nees an der Utilité publique, da si mer nees an der Fro vum Eegentumsrecht. An där Situatioun, an där mir haut sinn, si mer op de good will vun de Leit ugewisen. Wann de good will net besteet, dann ass ee mat ganz ville Mesuren um Enn, ier ee mat de Mesuren ufänke kann.

Mir hunn, Dir Dammen an Dir Hären, dann och op der Musel ugefaangen en Héichwaasserschutzkonzept ze erstellen, nodeem ech mam Här Clement an anere mer an Däitschland ukucke war, wat déi gemaach hunn. Effektiv si se an Däitschland eis op deem Niveau eng ganz Rei vu Jore viraus. Allerdéngs, an dat huet mech och impressionéiert wéi ech mat deene Buergermeeschtere geschwat hunn, soten déi: Macht ee Feeler net, dat ass d'Leit gleewen ze dinn, dass wann Der e Konzept hutt an Der fänkt u Moossnamen ze bauen, et si jo haaptsächlech Palplanchen, déi an de Buedem gerammt ginn, an amovibel Maueren, déi gebaut ginn, dass domadder de Problem vum Héichwaasser geléist wier, well och all amovibel Mauer ëmmer nëmmen e gewëssenen Niveau hale kann.

Ech ginn e Beispill: Dës Kéier war Angelduerf net befaasst, mä et war no bäi. Et war net befaasst, well weder Waasser aus dem Süde koum nach Waasser vun der Sauer. Wa mer eng Situatioun gehat hätten, wou mer eng Reeperiod gehat hätte wéi 1995, dass och nach Waasser vun der Sauer komm wier, obscho mer Rétentiounsméiglechkeeten op der Héicht Sauer hunn, wier dann d'Waasser héchstwahrscheinlech iwwert d'Mauer gaangen, idem zu Iechternach. Do war et och eng Affär vun e puer Zentimeter, da wär, obschonn déi Mauer do gebaut ginn ass, d'Waasser driwwer gaangen.

Datselwecht soen ech elo schonn de Leit op der Musel, dass wa mer an e puer Joer an d'Situatioun kommen, dass mer soe mir maachen e Konzept, mir maachen eng Rei vu Solutiounen, dass dat bis op e gewëssenen Niveau hëlleft, mä et gëtt net den absolute Schutz. An Däitschland hu se mer gesot: Et ass näischt méi schlëmm wéi wa Leit, déi mat engem reelle Problem konfrontéiert sinn, laang net mat deem Problem konfrontéiert sinn, well da verléiere se de Reflex zu deem Problem. Dat heescht net, dass een näischt maache soll, mä et muss ee sech allerdéngs bewosst sinn, dass wann ee verschidde Saache mécht, een net däerf vergiessen d'Leit ëmmer an ëmmer nees drop hinzeweisen, dass et den absolute Schutz net gëtt.

Schlussendlech wëll ech nach soen, dass mer un der Sauer amgaange si fir zesumme mat Rheinland-Pfalz ze kooperéieren. Et ass e Workshop an deenen nächste Woche geplangt. Dat huet sech natierlech elo opgrond vum leschten Héichwaasser e bëssen accéléréiert. Op dee Workshop sollen, mengen Informatiounen no, och Gemengen invitéiert ginn, fir ze kucke wéi een op dëser an där anerer Säit vun der Sauer hei zu Lëtzebuerg an an Däitschland eng Rei vu Mesurë maache kann, notamment duerch d'Widderhierstellung vun Auegebitter, woubäi een allerdéngs och do ëmmer nees muss soen: Et bréngt net alles.

Déi technesch Héichwaassermesuren, den Här Clement huet dat gesot, mussen allerdéngs eng Rei vu Bedingungen erfëllen. Dat soen ech och elo scho prophylaktesch, wa mer op der Musel am Hierscht mam Resultat kommen. Si musse kostewierksam sinn. Et kann also net sinn, dass d'Moossnam méi deier gëtt wéi d'Valeur vum Objet, dee geschützt gëtt. Do muss eng Relatioun spillen. Dat ass d'ailleurs an Däitschland och e wesentleche Punkt, deen do gemaach gëtt.

Zweetens däerf keng Verschlechterung fir eng Gemeng kommen, déi en aval ass. Dat muss ëmmer gekuckt ginn. Dat ass eng Mesure, déi op enger gewëssener Plaz ge-

kuckt gëtt. Wohl wissend, dat soen ech bei der Musel, dass mer do ganz wéineg Méiglechkeeten hu fir Rétentiounsflächen ze schafen, wëll ech nach eng Kéier widderhuelen, dass et e Kanal ass an dass mer do net ganz vill Méiglechkeeten hunn. Wa mer also a gewëssen Uertschaften eppes maachen, da musse mer ganz genau kucke wat mer maachen a wéi wäit dass mer kënne goen, fir net dann deem hannendrun, entweder op der Lëtzebuerger Säit oder op der däitscher Säit, de Problem dohinner ze schleisen.

Schlussendlech sinn ech der Meenung, dass d'Héichwaassermesurë sech net nëmmen op déi direkt anliegend Gemengen däerfe limitéieren, déi mam Problem konfrontéiert sinn, mä dass mer e System missten développéieren, deen am Fong schonn do ufänkt, wou d'Waasser erofgeet. Mir stellen awer an der Realitéit fest, jee weider mer vun där Plaz sinn, wou de Problem optaucht, jee weider si mer och vun der Akzeptatioun ewech fir ze hëllefen.

Ech gesinn awer mat ganz vill Satisfactioun, dass déi meescht Gemengen entre-temps ufänken an hire Bebauungspläng an an de Révisioune vun hire Kanalsystemer och do Rétentiounsfläche virzegesinn, mä dat ass och eng Mesure déi een net vun haut op mar ka maachen, an duerfir hu mir jo och e Programm vun honnert esou Installatioune virgesinn iwwert d'Land, fir esou dozou bäizedroen, dass manner Waasser zu engem Moment dann an d'Sauer- an an d'Muselgebitter kënnt.

D'Gemengen hu sech och entretemps nach eng Kéier engagéiert an deenen nächste fënnef Joer Projeten ze maache fir 30 Milliounen Euro. Dat beweist och d'Continuitéit vum Effort. Villes wat 1995 ugefaange ginn ass ze plangen ass 1998, 1999, 2000 ugefaange ginn ze realiséieren an et dauert bis 2005, 2006, 2007, heiansdo bis 2010 bis mer fäerdeg si mat den Investissementer.

Zum Schluss, Här President, wollt ech nach op d'Staumauer agoen. Den Här Weiler huet mech méi prezis doriwwer gefrot. No den Héichwaasser vun 1993 an 1995 ass folgend Regel agefouert ginn. De Waasserstand virum Wanter gëtt op 317 Meter erofgelooss. Dat ass e Punkt, méi déif däerf, soll een oder kann een net goen. Dat huet souwuel mat Stabilitéitsfroe vun der Mauer ze dinn, wéi och mat Froe vum Drénkwaasser. An der Diskussioun iwwert d'Staumauer gëtt vill iwwer Elektricitéit geschwat an och iwwert de Bassin de rétention. Et däerf een net vergiessen, dass de Stausee och eis wichtegst Waasserreserv ass wat d'Uewerflächewaasser ubelaangt.

Da gëtt eng systematesch Politik bedriwwen, dass den Ausfloss op der Staumauer gläich ass dem Alaf vum Stauséi, esou laang den Afloss de Grenzwäert vu 95 m³ pro Sekund net iwwersteigt. 95 m³ pro Sekund, dat ass deen Niveau, wou zu Esch-Sauer d'Iwwerschwemmungen uginn. Dat heescht au fur et à mesure wéi se gesinn dass Waasser bäikënnt, gëtt iwwer e System, dee vir ass, wou ee gesäit wat erakënnt, hannen oplafe gelooss, a wann dann den Alaf méi grouss ass wéi 95 m³, da muss ee selbstverständlech an enger éischter Phas d'Rétentiounsfläch komme loossen an da muss een opmaachen, woubäi mer maximal bis 320 Meter kënne komme loossen. Et gëtt awer meeschtens scho virdrun ugefaangen an da muss et mat vollem Karacho erausgoen. Ech soen nach eng Kéier: D'Rétentioun vum Stausee läit bei 9 Millioune m³ oder 9 Milliarde Liter, fir dass ee weess wat do machbar ass.

Bei Héichwaassergefor um Stauséi gëtt et e Groupe d'alerte, dee sech aus deene folgenden eenzelnen Intervenanten zesummesetzt: dem Intérieur, de Ponts et Chaussées, der Police, der Protection civile, dem Service d'incendie, der Arméi, der SEBES an de Bedreiwer vun der Staumauer, déi jo elo an aner Hänn iwwergeet. Si kennen d'Regelen, mä si hunn allerdéngs jee no Eenzelfall a wann et géif kritesch ginn d'Méiglechkeet fir eng adaptéiert Äntwert ze ginn. Dee System do huet sech d'ailleurs dës Kéier net bewisen, well et net noutwendeg war. 1995 hate mer nämlech d'Situatioun op der Uewersauer, dass mer eng éischt Phas haten, wou de Stau voll gelaf ass. Dunn huet et 24 Stonnen net gereent, mengen ech, oder 12 Stonnen net gereent an dunn ass eng zweet Phas nokomm, an et war déi déi en fin de compte mat sech bruecht huet, dass der Staumauer hir Capacité de rétention net méi spille konnt.

Also ass d'Staumauer e Rétentiounsbecke wéi all aner Rétentiounsbecken, wéi och dat vu Welschent. Et leeft voll, an an engem Moment ass et voll an dann ass et och do eriwwer. Et däerf ee sech also och do keng Wonner erwaarden. Wann dat honnertjähregt Héichwaasser kënnt, dann ass och do net alles machbar. Et sinn allerdéngs säit 1995 eng ganz Rei vu Mesurë geholl ginn, fir der Staumauer och eng Fonction de rétention ze ginn, déi méiglech ass.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, dat war wéi üblech méi laang wéi ech en fin de compte d'Wuert hat. Ech hunn awer probéiert esou schnell wéi méiglech an esou konkret wéi méiglech op déi eenzel Aspekter vun all Intervenant hei anzegoen.

Ech wëll nach eng Kéier soen, dass déi Politik an deem heiten Domän eng Politique de longue haleine ass. Et ass keng Politik mat A-coupen, esou dass ech mengen, dass déi viregt Regierung an déi jëtzeg Regierung alles gemaach hu wat an hire Moyene stung fir déi eenzel Aspekter vum Phenomeen opzeschaffen. Mir wëllen an engem permanenten Effort déi Mesuren, déi mer hunn, weider schreiwen a verbesseren.

Et ass schued fir et ze soen, mä all Héichwaasser gëtt engem nees nei Indicatiounen, wat een en fin de compte nach ka besser maachen, mä d'Responsabilitéit däerf net nëmme bei der öffentlecher Hand leien. Responsabilitéit läit beim Stat, Responsabilitéit läit bei de Gemengen, mä Responsabilitéit a Méiglechkeete fir Aktiounen ze huele leien och bei deenen eenzelne Leit, déi méi, mengen ech, wéi an der Vergaangenheet och dorobber musse sensibiliséiert ginn, dass et och an hirem Intérêt ass d'Saach net kommen ze loossen, mä sech mat Preventiounsmoossnamen esou wäit wéi méiglech géint Héichwaasser ze schützen. Dat Ganzt wohl wissend, dass mer d'Héichwaasser net opfänken, also net ophale kënnen, mä dass mer just d'Informatioun kënnen, esou wäit et geet, ëmmer nach verbesseren an dass mer duerch eng Rei vu Moossname verschidden Effeten ewech kréien.

Wann awer d'Pegelstänn an d'Luucht ginn an ëmmer weider an d'Luucht ginn, da kënnt bei all Mesure, déi een trëfft, iergendwann eng Kéier de Punkt wou d'Waasser iwwerleeft a wou mer do stinn, wou mer stinn. Duerfir wëll ech do virdru warnen ze mengen, dass et den absolute Schutz gëtt. An der Héichwaasserproblematik gëtt et den absolute Schutz net.

Ech sinn dankbar fir all Suggestiounen, déi kommen. Ech sinn dankbar och an Zukunft, a meng Leit am Wasserwirtschaftsamt och, fir all Suggestiounen, déi vun de Gemenge kommen. Meng Beamten a meng Servicer stinn och jiddferengem zur Verfügung, wann et drëm geet Pläng an aner Saachen auszeschaffen, Informatiounen auszeschaffe fir de Leit déi Informatiounen an déi Mesuren an déi Mëttelen an de Grapp ze drécken, déi noutwendeg si fir deem Problem hei esou gutt wéi méiglech, wann e kënnt, Här ze ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Domadder wier dëse Punkt ofgeschloss a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4975 iwwert d'Konventioun vun de Kannerrechter. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Rippinger, Henckes a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Emile Calmes.

## 2. 4975 - Projet de loi portant approbation du Protocole facultatif à la Convention relative aux droits de l'enfant, concernant l'implication d'enfants dans les conflits armés, fait à New York, le 25 mai 2000

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense***

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetz handelt et sech ëm en Zousazprotokoll zu der Kannerrechtskonventioun a méi speziell ëm d'Implicatioun vun deene Kanner a bewaffnet Konflikter. Dee Protokoll ass de 25. Mee 2000 zu New York ënnerschriwwe ginn. Zu Lëtzebuerg ass en den 1. Juli vum leschte Joer als Gesetzesprojet déposéiert ginn. Den Avis vum Statsrot koum den 28. Januar, nodeem en de 4. Juni ëm en Avis gefrot gi war. Et sief bemierkt, datt an der Zwëschenzäit dee Protokoll den 12. Februar 2002 a Kraaft getrueden ass. Hien ass nämlech a Kraaft getrueden nodeem 10 Länner e ratifizéiert haten, an dat war schonn am November 2001.

Wat sinn déi aktuell Bestëmmungen iwwert d'Implicatioun vun de Kanner a Krichsgeschéien? Déi Kannerrechtskonventioun vun 1989, déi 1990 a Kraaft getrueden ass an déi Lëtzebuerg 1994 ëmgesat huet, definéiert am Artikel 1 als Kand all Mënsch ënner 18 Joer, ausser datt déi national Gesetzgebung eppes aneschters géif virgesinn. Do dernieft gesäit dës Konventioun am Artikel 38 vir, datt d'Staten all Moossnamen huelen an dofir suergen, datt Leit ënner 15 Joer net direkt u bewaffnet Konflikter deelhuelen a se virun allem och nëmmen déi Eelst an der Kategorie vun 15 bis 18 Joer an hir Arméi rekrutéieren. Wéi gesot, dës Bestëmmunge vum Artikel 38 si keng Obligatioun fir d'Länner.

Fir dësen Alter dann awer elo vu 15 op 18 Joer eropzesetzen, huet d'Mënscherechtskommissioun 1994 en Aarbechtsgrupp agesat, fir en Zousazprotokoll zu dëser Konventioun auszeschaffen, dee sech da méi speziell ëm d'Situatioun vun de Kanner an de bewaffnete Konflikter befaasst. Firwat huet d'Kommissioun dat gemaach? Mä si huet erausfonnt, datt weltwäit nach op d'mannst iwwer 300 Kanner ënner 18 Joer u bewaffnete Konflikter deelhuelen. A wann een d'Lëscht mol kucke geet, wou déi Kanner haaptsächlech a bewaffnete Konflikter implizéiert sinn, da fënnt een eraus, datt dat haaptsächlech an afrikanesche Länner ass.

Déi Kanner, déi an national Arméien oder Regierungsarméien - mä dat mussen net ëmmer Regierungsarméie sinn, dat kënnen och Privatarméie sinn - rekrutéiert ginn, ginn dat oft géint hire Wëllen. Déi Kanner ginn oft bedroht. Si ginn entfouert oder anere Gewalttaten ausgesat. Datt dat och schlëmm Konsequenze fir dës Kanner huet, souwuel physescher wéi psychescher Natur läit op der Hand, an doduerch datt déi Kanner kierperlech manner staark an och keng Experienz hunn, ass et dann och esou, datt si proportional de Gros vun den Doudegen an de Blesséierten duerstellen. Wann dat och jiddferengem vun eis aliicht, da war dat awer net esou einfach bei deene Verhandlungen, déi 1994 ugefaangen hunn, an deem Sënn datt déi eréischt no sechs Joer, dat heescht am Joer 2000 zu engem Enn konnte gefouert ginn. Et ware virun allem d'Amerikaner an d'Engländer, déi sech dergéint gewiert hunn, datt Kanner u bewaffnete Konflikter scho mat 17 Joer kéinten deelhuelen. Dat huet et dunn och mat sech bruecht, datt dëse Protokoll u sech kee contraignante Charakter no sech zitt a just d'Regierungen invitéiert Mesuren ze huelen, Mesuren am Artikel 1, datt si keng Arméimemberen ënner 18 Joer u Kampfhandlungen deelhuele loossen. Virdru war dat am Artikel 38 op 15 Joer definéiert. Dat ass elo op 18 Joer erop gesat ginn.

Lëtzebuerg huet sech dëser Situatioun à même gesat mam Gesetz vum 20. Dezember 2002, wou dra steet datt keng mannerjähreg fräiwëlleg Zaldoten däerfen un egal wat fir enger Zort vu bewaffneten Operatiounen deelhuelen. Dat gëllt och fir Opérations de défense mat deene mir net befaasst sinn. Et gëllt awer och op där anerer Säit fir Missions de maintien de la paix, de sougenannte Petersberg Missiounen. Et muss een awer preziséieren, datt fir d'Petersberg Missiounen dat scho virdru gegollen huet, well mam Gesetz vum 2. August 1997 festgeluecht ginn ass, datt d'Bedeelegung u Friddensmissiounen nëmmen op fräiwëlleger Basis geschitt.

Déi Konventioun invitéiert dann och nach am Artikel 2 d'Regierungen, déi dat hei ënnerschreiwen, dofir ze suergen, datt fir Leit ënner 18 Joer den Arméidéngscht net méi obligatoresch ass. Dat ass eng Dispositioun déi Lëtzebuerg u sech absolut net betrëfft, well mir zanter 1967 schonn den obligatoresche Militärdéngscht ofgeschaaft hunn an zanter bal 50 Joer nëmme méi op fräiwëlleger Basis rekrutéieren.

Den Artikel 3, dee seet dann de Regierungen, datt se och Mesurë sollen huele fir den Alter fir de fräiwëllege Rekrutement eropzesetzen. Ech erënneren drun, datt am Artikel 38 dësen Alter bei 15 Joer long. Am Artikel steet, datt d'Länner Mesurë sollen huele fir esou no wéi méiglech un déi 18 Joer kënnen erun ze kommen. A fir dat ze kontrolléieren, muss dann all Land, wann et seng Ratifikatiounsdokumenter hannerleet, eng contraignant Deklaratioun mat déposéieren an där den Alter dra steet. Weider muss an där Deklaratioun dra stoen, datt dëse Rekrutement wierklech op fräiwëlleger Basis geschitt.

D'Länner ginn dann nach invitéiert, de Consentement vun den Elteren ze froen op där enger Säit, op där anerer Säit awer och déi Leit, déi se rekrutéieren, pleinement ze informéieren iwwert dat wat se bei der Arméi erwaart. D'Prouf muss och erbruecht sinn, datt effektiv déi Leit deen Alter dann erreecht hunn.

Fir Lëtzebuerg gëllen d'Bestëmmungen an deem Sënn, datt Meedercher a Jonge mat 17 Joer fräiwëlleg an d'Arméi kënne goen, selbstverständlech mam Consentement vun den Elteren. Dat huet domat ze dinn, datt déi Leit eng Formatioun vu 17 bis 18 Joer kënne maachen, ier se an d'Arméi kënnen integréiert ginn. Et muss een och d'Wichtegkeet vun dëser Mesure vun deene 17 Joer ënnersträichen, well d'Halschent vun deene Kandidaten, déi sech bei der Arméi mellen, dës si vu 17 Joer. D'Leit ginn dohinner, well se do eng Formatioun kënne kréien an eng Plaz fir herno an Aussiicht gestallt kréien. Wéi gesot, dës Dispositioun ass och keng nei Dispositioun. Se besteet zanter dem 22. September 1967, wou an engem Reglement iwwert de fräiwëllege Statut festgehale ginn ass, datt dëst 17 Joer ass an duerch d'Gesetz vum 20. Dezember vum leschte Joer ass et dann och Gesetzeskraaft ginn, datt nëmme Kanner iwwer 17 Joer an d'Arméi däerfe goen.

Dann ass nach eng weider Bestëmmung am Artikel 4, déi seet datt déi Bestëmmungen hei net nëmme fir déi national Arméi oder Regierungsarméie gëllen, mä fir och all aner bewaffnet Gruppen. Dat ass eppes, wat fir Lëtzebuerg net brauch ze sinn, well mir där bewaffnet Gruppe keng hei hunn, mä fir déi afrikanesch Länner gëllt dat awer sécher.

De Rescht vun den Artikele vun deem Protokoll beschäftegt sech haaptsächlech mat den Applikatiounsmodalitéiten. Op déi wëll ech am Detail elo net agoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass nëmmen ze hoffen, datt d'Dispositioune vun dëser Konventioun wierklech zum Droe kommen, an datt virun allem déi Länner dee Protokoll hei ratifizéieren, déi och domat viséiert ginn, awer net nëmme ratifizéieren, mä virun allem och sech un déi Dispositiounen halen zu deene se sech dann hei engagéieren. Datt se méi wéi néideg sinn, beweist déi aktuell Situatioun, well iwwerdeems wou mir hei iwwert d'Implicatioun vu Kanner a Krichsgeschehen diskutéieren, geet de Krich am Irak virun, an d'Biller déi eis all Dag gewise gi beweisen eis dann och, datt Kanner absolut net mussen an de Krich goe fir ënnert dem Krich ze leiden. Et si si och déi déi am meeschten als Zivilpersounen ënnert dem Krich leiden.

An deem Sënn, mengen ech, ass et méi wéi jee wichteg, datt d'Dispositioune vun dësem Protokoll vun de meeschte Länner iwwerholl ginn a virun allem och respektéiert ginn, an ech invitéieren lech dofir dësem Gesetz Ären Accord ze ginn.

Merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat den Inhalt ugeet vun deem heiten Zousazprotokoll zu der internationaler Konventioun iwwert d'Rechter vun de Kanner ass net méi vill ze soen, nodeem de Rapporteur op eng ganz komplett Aart a Weis alles Wichteges schonn ervirgehuewen huet.

Wat ee bedauere muss, dat ass datt déi international Konventioun iwwert d'Rechter vun de Kanner vun 1989 leider net direkt am Nationalrecht iwwerholl ginn ass, an deem Sënn dass eis Geriichter décidéiert hunn, an déi Jurisprudenz ass leider ferm etabléiert - entgéint Jurisprudenzen an eenzelnen Nopeschlänner -, dass déi Obligatiounen an déi Rechter, déi an där Konventioun stinn, net duerch d'Ratifikatioun vun der Konventioun direkt individuell aklobar Rechter fir deen Eenzelne mat sech bréngen. Si musse praktesch, fir kënnen ze gräifen, an der Wierklechkeet iwwer e Gesetz am Detail ëmgesat ginn, respektiv och à la rigueur iwwert deen heite Wee, wou en internationale Protokoll probéiert eng Dispositiouun, déi an där Konventioun steet, den Artikel 38, ze preziséieren an esou prezis ze maachen, dass en och eng direkt Uwendung an den nationale Législatioune ka fannen.

Wéi gesot, et ass ze bedaueren dass eis Geriichter net dee Courage haten, deen déi belsch Geriichter zum Beispill haten an eenzelne Beräicher, wou se vun deemselwechten Text vun der Konventioun ofgeleet hunn, dass ee kënnt direkt seng Rechter akloen opgrond vum Text vun der internationaler Konventioun. Dat ass zu Lëtzebuerg bis dato net méiglech, mä e Revirement vun der Jurisprudenz ass jo ëmmer denkbar. Dat wär sécher am Sënn vun de Rechter vum Kand, wann et géif zu esou engem

Revirement an der Lëtzebuerger Rechtsspriechung kommen.

Et sief dass mer also begréissen, dass Lëtzebuerg deen heite Protokoll signéiert huet an dass en elo der Chamber zum Vote virläit. En ass praktesch schonn ëmgesat duerch dat Gesetz wat mer am Dezember 2002 hei an der Chamber gestëmmt hunn. An der Praxis hunn och virdru sech d'Regierung, respektiv d'Arméi un deen heiten Text gehalen, dat heescht et si keng Mannerjähreger, och wa se 17 Joer haten, engagéiert gewiescht an iergendwellechen arméierte Konflikter. Dat war also och, ier deen heiten Text bestanen huet, hei zu Lëtzebuerg net de Fall.

Mä, domadder wëll ech schléissen, et soll ee sech awer näischt virmaachen, wat am Eeschtfall d'Valeur vun esou enger Konventioun, engem Protokoll ass. Dat kréie mer jo op eng dramatesch Aart a Weis fir de Moment virgefouert am Irak, wou dagdeeglech vun där enger Krichspartei méi wéi vun där anerer, mä et ass awer keen helleg an där doter Fro, international Konventiounen, wéi zum Beispill déi iwwert d'Krichsgefaangener, permanent violéiert ginn. Dat sinn och Gesetzestexter, déi Länner guttgeheescht hunn, déi Parlamenter votéiert hunn, a wann et wierklech zu enger regelrechter Krichssituatioun kënnt, muss ee wëssen, dass leider déi Texter net vill méi Wäert hu wéi de Pabeier op deem se stinn. Dat gesot, wäert eis Fraktioun selbstverständlech deen heite Protokoll guttheeschen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Fraktioun begréisst och, dass Lëtzebuerg dee Protokoll do ënnerschriwwen huet. Et wäert jo ni a Fro kommen, dass mir hei zu Lëtzebuerg géint déi Konventioun do verstoussen, a well de Rapporteur, den Emile Calmes, esouwuel en ausféierleche schrëftleche wéi och mëndleche Rapport gemaach huet, brauch ech net méi an d'Detailer anzegoen an lech einfach nëmmen ze soen, dass eis Fraktioun bien entendu deen Text do stëmmt.

M. le Président.- Den Här Jacques-Yves Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, ech wëll och den Accord vun der ADR-Fraktioun zu deem Projet de loi ginn. Et ass wichteg, dass mir op dee Wee mat anere Länner ginn, mä et muss een awer och ervirsträichen, datt just déi Länner, déi missten esou eppes ënnerschreiwen, ni un esou Konventiounen deelhuelen.

Ech wëll och d'Wierder vum Rapporteur ënnersträichen, datt en higewisen huet op d'Situatioun vun de Kanner a Krichsgebitter, déi ganz vill dorënner leiden, ech géing esouguer soen prioritär drënner leide wa Krichssituatioune sinn an notamment wa Bombes à fragmentation gepucht ginn.

Dat gesot, nach eng Kéier den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- Den Här François Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wollt soen, datt mir als gréng Fraktioun eis enthale wäerte bei dësem Projet. Et ass natierlech esou, datt déi Konventioun hei versicht e bësse méi en humanen Aspekt an déi ganz Problematik ze bréngen, gewëssermoossen d'Situatioun besser ze regelen. Mä eis stellt dat alles net zefridden. Mir sinn der Meenung, datt generell gesi keen dierft iwwerhaapt an d'Arméi antrieden ier e groussjähreg ass. Ech muss och éierlech soen, vu mengem Gefill hier, aus dem Bauch eraus, datt een esouguer nach misst méi al sinn, fir iwwerhaapt an eng Arméi ze goen.

Et muss ee sech bewosst sinn, e Jugendleche vun 18 Joer, deen an d'Arméi geet, ass eiser Meenung no net räif genuch fir alles ze duerchkucken, wat en do enseignéiert kritt, wat en do mécht, an dofir si mir eigentlech der Meenung, datt den Alter misst generell eropgehuewe gi fir iwwerhaapt an d'Arméi anzetrieden.

Bon, dat hei ass natierlech eng Verbesserung par rapport zur Situatioun wéi se existéiert, mä et geet eis net wäit genuch. Mir sinn der Meenung, datt dat keng gutt Situatioun ass, datt een elo schonn awer ënner 18 Joer an d'Arméi rekrutéiert ka ginn, an dofir wäerte mir eis enthale bei dësem Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Nico Loes.

M. Nico Loes *(CSV).*- Här President, ech géif dem Här Rapporteur och merci soe fir seng Aarbecht, an trotz der Skepsis vu menge Virriedner géinge mir awer mengen, datt dat hei e gudde Projet wier, an dofir bréngen ech och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

M. le Président.- Den Här Serge Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech wëll an eng ähnlech Richtung argumentéiere wéi viru mir den Här Bausch.

***(Interruptions diverses)***

Selbstverständlech fannen ech et och net gutt, dass een zu Lëtzebuerg schonn an d'Arméi kann agezu gi mat 17 Joer. Ech mengen, an esou enger Konventioun misst dat och festgehale ginn. Et misst och zum Beispill festgehale ginn, Här Minister, dass et verbueden ass fir offensiv Reklamm ze maache fir an d'Arméi anzetrieden an de Lycéeën iwwerall am Land, mat enger moderner publizitärer Campagne, wou duergestallt gëtt wéi flott dat ass wann een an d'Arméi geet, bei Schüler déi nach vill méi jonk si wéi 17 Joer. Dat misst och an esou enger Konventioun festgehale sinn.

Trotzdeem mengen ech awer déi Konventioun hei stëmmen ze kënnen, well jo näischt dra steet wat elo net ze akzeptéiere wier.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Arméiminister Charles Goerens.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Här President, ech wollt dem Rapporteur Emile Calmes merci soe fir säi Bericht, hien huet am Fong alles gesot, an och deene successive konstruktive Beiträg.

Dee Protokoll hei ass effektiv, wann e fir Lëtzebuerg och näischt ännert, awer e Fortschrëtt fir d'international Communautéit. Et muss ee kucke wat ursprünglech an der Konventioun vun de Kannerrechter stoung. Do huet een net dierften ënner 15 Joer rekrutéieren. Mir sinn awer elo op 17 Joer. Et ass e Risenënnerscheed tëschent 15 a 17 Joer.

An der Praxis, den Här Bodry huet elo grad drun erënnert, ass et hei am Land esou, datt een och bis elo schonn nëmme jonk Leit rekrutéiert huet déi mindestens 17 Joer al waren. Dat ass och entérinéiert ginn duerch dat Gesetz dat mer den Dezember gestëmmt hunn an et ass och riichtduerch esou praktizéiert ginn.

Ech wëll och drun erënneren, wat d'Participatioun un Hostilitéiten ubelaangt, datt dat fir Lëtzebuerg ëmmer op fräiwëlleger Basis geschitt. Éischtens muss ee groussjähreg sinn, et muss een 18 Joer al sinn, zweetens geschitt dat op volontärer Basis, an net nëmme fir defensiv Missiounen, mä och fir Opérations de maintien de la paix. Mir sinn de Moment amgaang de Rekrutement ze maachen, oder d'Interessenten ze froen, déi elo an d'ISAF3 an den Afghanistan ginn. Do kommen der selbstverständlech nëmmen a Fro, déi mindestens 18 Joer al sinn, an déi kréien dann och nach eng ganz sec Formatioun, bis se op deem Niveau sinn.

Dat ass och an der Vergaangenheet ëmmer esou praktizéiert ginn, an esouguer wéi dat do nach kee Gesetz war, kann ech mech erënneren, datt mer d'Leit net toleréiert hu fir ënner 18 Joer an déi Missiounen ze goen, esouguer wann den Accord vun den Elteren do louch.

Dat hei ass elo am Fong eppes wat näischt an der Praxis ännert, mä et ass awer wichteg fir déi Länner, déi méi e largen Ëmgank hate mat där doter Praxis, op deen Niveau ze bréngen.

Ech soen och alle merci, déi dat dote stëmmen. Ech mengen, den Här Bausch, wéi den Här Urbany gesot huet, kënnt sech och iwwerwannen an dat hei matdroen, well mir hu wierklech keng fundamental Differenzen.

Ech hätt och léiwer, si kënnten alleguer 21 Joer al sinn. Dir musst awer och verstoen, datt mer wéineg Méiglechkeeten hätte fir den internationale Missiounen nozekommen, wa mer de Rekrutementsalter nach géingen erhéijen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4975 a mir stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4975 ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement (par M. Nico Loes), Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps (par M. Marco Schroell), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Jos Scheuer), MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot (par M. Mars Di Bartolomeo), Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

## 3. Demandes en naturalisation

Als leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Naturalisatiounen. Dofir muss ech de Huis clos ausschwätzen.

De Huis clos ass ausgesprach.

***

Mir huelen déi öffentlech Sitzung erëm op.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 43 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete constitutionnellë Vote ugeholl. Esou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm a Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat enger Ännerung vum Numm averstanen erkläert.

**Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 3 avril 2003**

1. ALEXANDRESCU Dorin Mihai, né le 20 septembre 1956 à Iasi (Roumanie), demeurant à Luxembourg
2. VASILESCU Anamaria, née le 5 novembre 1956 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Luxembourg
3. AMIRNIA Mohit, né le 11 novembre 1953 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg
4. NIKDOUST FARROUKH Gity, née le 3 octobre 1959 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg
5. BUMB Nicolas Alfred Hermann, né le 5 décembre 1980 à Trier (Allemagne), demeurant à Uebersyren
6. CIKOTIC Alma, née le 23 mai 1977 à Berane (Yougoslavie), demeurant à Rumelange
7. DIAS JANECO Joao Carlos, né le 5 mars 1977 à Bucelas/Loures (Portugal), demeurant à Koerich
8. DIMITROVA Dimitrina, née le 11 décembre 1957 à Haskovo (Bulgarie), demeurant à Belvaux
9. DUKOVSKI Marjan, né le 4 août 1971 à Skopje (Macédoine), demeurant à Bissen
10. GATTULLO Nicole, née le 3 décembre 1946 à Audun-le-Tiche (France), demeurant à Esch-sur-Alzette
11. GHANAD ZADEH Akbar, né le 21 mars 1957 à Bojnourd (Iran), demeurant à Luxembourg
12. MANSOUR Lida, née le 1er janvier 1957 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg
13. GONÇALVES DA SILVA Rui Manuel, né le 11 août 1970 à Oliveira do Douro/Vila Nova de Gaia (Portugal), demeurant à Wiltz
14. KÖHNKOW Lothar, né le 21 avril 1970 à Echternach, demeurant à Schlindermanderscheid
15. M'PUTU Awakola, né le 5 octobre 1968 à Kananga (République démocratique du Congo), demeurant à Dudelange
16. MONTANARO Giuseppe, né le 2 novembre 1971 à Ettelbruck, demeurant à Pratz
17. POPESCU Doru Viorel, né le 26 février 1955 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Steinsel
18. TUDOR Cornelia, née le 1er juillet 1961 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Steinsel
19. RADUCU Constantin, né le 7 novembre 1955 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Dahlem
20. SORESCU Aurora, née le 18 mars 1959 à Malureni (Roumanie), demeurant à Dahlem
21. RAMOS PRIETO Ismael, né le 28 juin 1963 à Sancti Spiritus (Cuba), demeurant à Luxembourg

    La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de RAMOS Ismael.
22. RENTMEISTER Reinhold Jakob, né le 15 septembre 1963 à St-Vith (Belgique), demeurant à Hobscheid
23. ROCHA SOUSA Manuel, né le 2 juillet 1967 à Nossa Senhora da Luz/Sao Vicente (Cap Vert), demeurant à Ettelbruck
24. MONTEIRO DOS SANTOS Maria, née le 15 décembre 1970 à Santo André/Porto Novo (Cap Vert), demeurant à Ettelbruck
25. RODRIGUEZ DEL RIEGO Luis Enrique, né le 4 janvier 1970 à Luxembourg, demeurant à Bettendorf
26. SAKOVIC Emira, née le 8 novembre 1966 à Sarajevo (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Luxembourg
27. SAUERWEIN Matthias Otto Amandus, né le 19 juin 1927 à Hamburg (Allemagne), demeurant à Oberkorn
28. SAVCHIK Inessa, née le 5 janvier 1960 à Minsk (Biélorussie), demeurant à Luxembourg
29. SILVA ROBALO Maria dos Anjos, née le 25 décembre 1969 à Santa Catarina (Cap Vert), demeurant à Esch-sur-Alzette
30. SMAJIC Sefik, né le 18 août 1948 à Prnjavor/Kalesija (Yougoslavie), demeurant à Luxembourg
31. MEHIC Hava, née le 12 novembre 1946 à Vuckovci/Gradacac (Yougoslavie), demeurant à Luxembourg
32. SOFRA Luigi Eliseo Fabio, né le 15 juin 1972 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Differdange
33. SOMO SHAMANA Farid, né le 10 avril 1978 à Zakho (Iraq), demeurant à Luxembourg
34. SOMO SHAMANA Ferial, née le 8 septembre 1980 à Zakho (Iraq), demeurant à Luxembourg
35. SOMO SHAMANA Munir, né le 5 octobre 1974 à Zakho (Iraq), demeurant à Luxembourg
36. SOMO SHAMANA Siranosh, née le 10 novembre 1973 à Zakho (Iraq), demeurant à Luxembourg
37. SOSTAKOVA Dana, née le 17 février 1965 à Kosice (Slovaquie), demeurant à Esch-sur-Alzette
38. TANG Wing Sui, né le 24 mai 1958 à Hong Kong (Chine), demeurant à Grevenmacher
39. LIU Jianping, née le 16 octobre 1958 à Shanghai (Chine), demeurant à Grevenmacher
40. TUNG Chi Leung, né le 14 septembre 1965 à Guangdong (Chine), demeurant à Dudelange
41. YAU Yuk Fung, née le 20 novembre 1966 à Hong Kong (Chine), demeurant à Dudelange
42. WANG Guangwei, née le 7 février 1982 à Zhejiang (Chine), demeurant à Luxembourg
43. WURTH Joëlle Marie Ghislaine, née le 11 août 1961 à Arlon (Belgique), demeurant à Beckerich

***

Dir Dammen an Dir Hären, domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir den 29. an den 30. Abrëll. Den Ordre du jour gëtt lech zoukomme gelooss.

Domat wier d'Sitzung opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 17.54 heures)***

## Ordre du jour

1. Communications
2. Ordre du jour
3. Heure de questions au Gouvernement:

- Question N° 283 du 29 avril 2003 de Madame la Députée Nelly Stein au sujet des seuils d'intervention en matière de contamination de dioxines et autres substances nocives, adressée au Ministre de la Santé
- Question N° 284 du 28 avril 2003 de Monsieur le Député Georges Wohlfart au sujet de la peste aviaire et des mesures de prévention visant à éviter la contamination à l'homme, adressée au Ministre de la Santé
- Question N° 285 du 29 avril 2003 de Monsieur le Député Robert Garcia au sujet des travaux en cours au ministère de l'éducation nationale en vue de conférer un statut plus stable à certaines catégories de chargés d'éducation de l'enseignement postprimaire, adressée au Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports
- Question N° 294 du 28 avril 2003 de Monsieur le Député Jean Colombera au sujet des mesures préventives prises afin d'éviter la survenance et la propagation de l'épidémie du SARS au Grand-Duché, adressée au Ministre de la Santé
- Question N° 295 du 29 avril 2003 de Monsieur le Député Serge Urbany au sujet de l'indexation des salaires au coût de la vie, adressée au Ministre de l'Economie

4. 4924 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la modernisation, la transformation et l'extension du Château de Heisdorf en centre intégré pour personnes âgées

   *(Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

5. 4925 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction d'un centre intégré pour personnes handicapées âgées à Frisange

   *(Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

6. 5049 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République slovaque sur la sécurité sociale, signée à Bratislava, le 23 mai 2002

   *(Rapport de la Commission de la de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mmes Marie-Josée Jacobs et Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et Carlo Wagner, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.00 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

### 1. Communications

Ech hunn awer der Chamber Kommunikatiounen ze maachen:

1) Par lettre du 4 avril 2003 le Ministre aux Relations avec le Parlement a informé le Président de la Chambre qu'à la suite du départ du Conseiller d'Etat Marcel Sauber, il y a lieu de pourvoir à son remplacement.

L'article 7 de la loi du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'Etat stipule que

„Lorsqu'il s'agit de pourvoir à la vacance d'un siège, le remplacement se fait alternativement et dans l'ordre suivant:

a) par nomination directe du Grand-Duc;

b) par nomination d'un des trois candidats présentés par la Chambre des Députés;

c) par nomination d'un des trois candidats présentés par le Conseil d'Etat".

La dernière nomination de Conseiller d'Etat ayant été faite directement par le Grand-Duc, la Chambre des Députés est ainsi appelée à établir une liste de 3 candidats en vue de la nomination du nouveau Conseiller d'Etat.

La procédure pour l'établissement de cette liste est prévue par les articles 116 à 131 du Règlement de la Chambre.

2) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

3) Madame Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 4 avril 2003,

- le projet de loi 5115 portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux en matière de dessins ou modèles, signé à Bruxelles, le 20 juin 2002, et

- le projet de loi 5116 d'exécution du Protocole additionnel sur le renforcement de la non-prolifération des armes nucléaires, destiné à détecter les activités nucléaires clandestines et approuvé par la loi du 1er août 2001.

A la demande du Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire et de la Défense, Monsieur François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement, a déposé en date du 8 avril 2003 le projet de règlement grand-ducal 5117 concernant la participation du Luxembourg à la Force Internationale d'Assistance à la Sécurité en Afghanistan (ISAF) sous l'égide des Nations Unies.

A la demande du Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, il a déposé en date du 15 avril 2003 le projet de règlement grand-ducal 5118 concernant la participation du Luxembourg à la mission d'observation de l'OSCE aux élections présidentielles en Arménie.

A la demande du Ministre des Transports il a déposé le même jour le projet de règlement grand-ducal 5119 complétant le règlement grand-ducal du 3 février1998 portant exécution de Directives C.E. relatives à la réception des véhicules à moteur et de leurs remorques ainsi que des tracteurs agricoles et forestiers à roues.

Madame Erna Hennicot-Schoepges, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, a déposé en date du 23 avril 2003 le projet de loi 5120 modifiant la loi modifiée du 18 juin 1969 sur l'enseignement supérieur et l'homologation des titres et grades d'enseignement supérieur.

Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, a déposé le même jour le projet de loi 5121 relatif à la participation du Grand-Duché de Luxembourg

- à la 13ème reconstitution des ressources de l'Association Internationale de Développement

- à la 3ème reconstitution des ressources du Fonds pour l'Environnement Mondial

- à la 6ème reconstitution des ressources du Fonds International de Développement Agricole.

Monsieur Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances, a déposé en date du 24 avril 2003 le projet de loi 5122 modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée.

4) En date du 2 avril 2003 le Président de la Chambre s'est vu remettre la pétition 248 «Hochwasser und Hochwasserschäden in Steinheim».

5) L'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe a tenu la deuxième partie de sa session ordinaire de 2003 du 31 mars au 4 avril 2003 à Strasbourg.

Etaient présents à cette session: M. Marcel Glesener, Vice-Président de la délégation, et Mme Lydie Err, représentants, M. Norbert Haupert et Mme Mady Delvaux-Stehres, suppléants.

M. Hasan Mutarovic a été élu Vice-Président de l'Assemblée au titre de la Bosnie-Herzégovine.

L'Assemblée a écouté les discours de:

- M. Dragoljub Micunovic, Président du Parlement de Serbie-Monténégro;

- M. Joseph Borg, Ministre des Affaires étrangères de Malte et Président en exercice du Comité des Ministres; et

- M. Siméon de Saxe-Cobourg Gotha, Premier Ministre de Bulgarie.

Les principaux sujets à l'ordre du jour des huit séances étaient les suivants:



- rapport d'activité du Bureau de l'Assemblée et de la Commission permanente,

- budgets du Conseil de l'Europe pour 2004,

- dépenses de l'Assemblée parlementaire pour l'exercice 2004,

- projet de convention révisée sur la protection des animaux en transport international – demande d'avis du Comité des Ministres,

- 50 ans d'existence pour la CEMT (Conférence européenne des Ministres du Transport): des politiques du transport pour la Grande Europe,

- protection des langues des signes dans les Etats membres du Conseil de l'Europe,

- défis d'une nouvelle politique agricole,

- situation culturelle dans le Caucase du sud,

- élection de juges à la Cour européenne des Droits de l'Homme au titre de l'Arménie, de l'Azerbaïdjan et de la Suède,

- la situation des droits de l'homme en République Tchétchène,

- l'Europe et le développement des ressources énergétiques dans la région de la Mer Caspienne,

- amélioration du sort des enfants abandonnés en institutions,

- immunités des membres de l'Assemblée parlementaire,

- les crimes dits d'honneur et

- les femmes et les micro-crédits.

Un débat d'urgence figurait également à l'ordre du jour, débat d'urgence qui avait pour sujet: L'Europe et la crise en Irak.

L'Assemblée a adopté une série de recommandations, de directives et de résolutions en rapport avec les sujets à l'ordre du jour.

6) Par lettre du 3 avril 2003 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre le texte des résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 10 au 13 mars 2003:

- position sur la proposition de règlement du Conseil modifiant le règlement (CE) n°1260/1999 portant dispositions générales sur les Fonds structurels

- résolution sur al réforme de la procédure budgétaire : options possibles dans la perspective de la révision des traités

- résolution sur le Livre vert de la Commission sur les modes alternatifs de résolution des conflits relevant du droit civil et commercial

- résolution sur la situation de l'économie européenne - rapport préparatoire à la recommandation de la Commission sur les grandes orientations des politiques économiques

- résolution sur l'évaluation annuelle de la mise en œuvre des programmes de convergence et de stabilité

- résolution sur le rapport de la Commission : Rapport de convergence 2002 - Suède

- résolution sur la communication de la Commission au Conseil et au Parlement européen sur les finances publiques dans l'UEM - 2002

- position sur la recommandation de la Banque centrale européenne concernant une décision du Conseil relative à une modification de l'article 10.2 des statuts du Système euopéen de banques centrales et de la Banque centrale européenne

- résolution sur l'opération menée dans le cadre de la politique européenne de sécurité et de défense (PESD) dans l'ancienne République yougoslave de Macédoine

- résolution sur la transmission des données personnelles par les compagnies aériennes lors de vols transatlantiques

- résolution sur la protection des intérêts financiers des Communautés et la lutte contre la fraude - Rapport annuel 2001

- résolution sur la communication de la Commission au Parlement européen, au Conseil, au Comité économique et social et au Comité des régions: Stratégie pour la politique des consommateurs 2002 - 2006

- résolution sur les implications du Livre vert sur la protection des consommateurs dans l'Union européenne pour le futur de la politique européenne des consommateurs

- résolution sur les perspectives de protection juridique du consommateur à la lumière du Livre vert sur la protection des consommateurs dans l'Union européenne

- résolution sur les fermetures d'entreprises ayant bénéficié d'une aide financière de l'Union européenne.

Par lettre du 8 avril 2003 il a fait parvenir au Président de la Chambre le texte des résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 26 au 27 mars 2003:

- résolution sur les progrès réalisés en 2002 en vue de la création d'un espace de liberté, de sécurité et de justice (articles 2 et 39 du traité UE)

- résolution sur les résultats du Conseil européen (Bruxelles, 20 et 21 mars 2003) au sujet de la stratégie de Lisbonne.

### 2. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz Folgendes virgeschloen:

Fir haut de Mëtteg hu mer fir d'éischt eng Froestonn un d'Regierung.

D'Aktualitéitsstonn iwwert d'Délaië bei de Prozesser gëtt op e spéideren Zäitpunkt verluecht, well den zoustännege Minister wéinst auslännesche Verpflichtungen haut de Mëtte verhënnert ass hei ze sinn.

No der Froestonn hu mer dann:

- de Projet de loi 4924 iwwert d'Moderniséierung vum Altersheim am Heeschdrëfer Schlass,

- de Projet de loi 4925 iwwert de Bau vun engem Zentrum fir eeler handicapéiert Leit zu Fréiseng,

- de Projet de loi 5049, en Ofkommes tëschent Lëtzebuerg an der Slowakei iwwert déi sozial Sécherheet.

Mar um halwer dräi hu mer de Projet de loi 4891 iwwert d'Statsbeamtestatut an uschléissend Naturalisatiounen.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour d'accord?

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Pardon, Här President, wéi mir dat dote fixéiert hu ware mer der Meenung, mir hätte fir eng Stonn wat d'Froen ubelaangt. Dat ass net de Fall, et si fënnef Froen. Dann ass nach eng Heure d'actualité virgesinn. Deemno si mer de Mëtteg ganz fréi fäerdeg a fir muer hu mer e Modell 3 ugesot, wat mat sech bréngt, dass et muer den Owend spéit gëtt.

Eng ganz Rei Leit heibannen hu Buergermeeschterfunktiounen a sinn an den 1. Mee Virfeieren engagéiert. Dofir géing ech proposéieren - ech sinn net concernéiert, dofir kann ech dat ganz fein hei soen -, vu dass mer haut de Mëtteg fréi fäerdeg sinn, dass mer solle weiderfuere mat deem anere Projet an da si mer muer den Owend éischter fäerdeg a riskéieren net an déi Situatioun ze kommen, wou mir soss riskéieren eran

ze kommen, nämlech dass eng ganz Rei Leit, déi Obligatiounen hunn, musse fortgoen.

Ech géing also déi Kolleege bieden, déi ech informéiert hat, esou wäit ech se elo just begéint hunn, där dote Saach zouzestëmmen.

M. le Président.- Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, dem honorabelen Här Krecké seng Demande erstaunt mech e bëssen, well den Här Krecké jo gewéinlech heibannen ee grousse Verfechter ass vun der Prévisibilitéit vun eisen Aarbechten. Déi Leit, déi sech drop agestallt hu mar de Mëtten de Statut vum Fonctionnaire ze diskutéieren, déi wëllen dat net onbedéngt haut maachen.

An der Vergaangenheet hu mer och versicht esou oft wéi nëmme méiglech bei deem Ordre du jour ze bleiwen, esou wéi mir en arrêtéiert haten, an dofir mengen ech schonn dass mer sollten derbäi bleiwe fir dee Projet mar ze huelen, och wa mer e Modell 3 ugesot hunn. Als Zäit wäert et ganz sécher esou sinn, dass dee Projet mar net déi Zäit brauch, déi den Här Krecké elo befäert, dass et spéit kënnt ginn.

Well et esou eng wichteg Fro ass, a well d'Kolleege vun der Demokratescher Partei an dësem Dossier federführend sinn, wëll ech meng definitiv Haltung ofhängeg maache vun deem wat den honorabelen Här Rippinger eis proposéiert.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech kann natierlech dat novollzéien, wat den Här Weiler hei gesot huet. Mir hu scho säit Wochen a Méint den Datum vum 30. Abrëll fixéiert fir d'Modificatioun vum Statsbeamtestatut. Mir hunn dat ofgemaach an der Conférence des Présidents. Mir hunn dat ofgemaach mat dem Rapporteur an och mat der Regierung, a ganz besonnesch mat der Madame Ausseminister, déi jo och d'Fonction publique huet, déi awer de Mëtteg net kann hei sinn, an dofir sinn ech der Meenung, mir sollen, esou wéi mir dat ofgemaach hunn, eisen Ordre du jour bäibehalen.

Ech kann natierlech den Här Krecké verstoen. Vun eis geet keen op eng 1. Mee Feier, awer bei hinne fält dat schonn éischter an d'Woschuel, mä ech mengen awer mir géingen eis alleguerten net déi Zäit ginn an net déi Zäit brauchen, déi de Modell 3 verlaangt.

Firwat hu mir de Modell 3 gefrot, Här President? Mä dass de Rapporteur an esou engem relativ komplexen a komplizéierte Projet, an och laange Projet, ka säi Rapport an där halwer Stonn maachen, déi him duerch Reglement zousteet. Dat war d'Ursaach firwat dass mer am Reglement de Modell 3 geholl hunn. Vun eis brauch keen, an ech mengen och kee vun deenen aneren Orateuren esou laang Zäit, dass mir dee Projet muer net kënnen an enger ganz normaler Zäit evakuéieren. Dofir sinn ech mam Här Weiler d'accord, dass mer den Ordre du jour esou solle loossen, wéi mir e virgesinn hunn.

Ech kann eis Kolleege vun der LSAP berouegen, wa se net allze vill polemesch ginn, da wäerte mir dat kënnen an engem ganz normalen Délai ofwéckelen.

M. le Président.- Ech kann also unhuelen, dass d'Chamber mat der Propositioun vun der Presidentekonferenz fir den Ordre du jour averstanen ass.

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zur Froestonn un d'Regierung, déi wéi üblech ofleeft. Als éischt hu mer d'Fro 283 vun der Madame Nelly Stein un de Gesondheetsminister iwwert d'Dioxinverseuchung. D'Madame Stein huet d'Wuert.

## 3. Heure de questions au Gouvernement

### - Question N° 283 du 29 avril 2003 de Madame la Députée Nelly Stein au sujet des seuils d'intervention en matière de contamination de dioxines et autres substances nocives, adressée au Ministre de la Santé

Mme Nelly Stein *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter dem Hierscht 1998, also scho bal säit méi wéi fënnef Joer mécht d'Gemeng Schëffleng Emmissiounsanalyse mat Geméis als Bioindicateur, Analysen déi d'Gemeng pro Joer tëschent 15.000 an 20.000 Euro kaschten. Dës Analyse gi parallell zu de Schuedstoffanalyse vun der Ëmweltverwaltung gemaach an hëllefen op eng méi rapid Manéier wéi bei der Verwaltung, d'Belaaschtung un Dioxinen a Bläi am Geméis ze bestëmmen.

Déi gemoosse Wäerter gi verglach mat de Grenzwäerter, déi duerch Direktiven a Recommandatioune vun der Europäescher Unioun festgeluecht sinn. Fir Nahrungsmëttel gëllt d'Recommandatioun 2002/201 vun der EU, déi en Interventiounswäert vun 0,4 Nanogramm pro Kilo frëscht Geméis festleet. Bei Iwwerschreide vun dësem Interventiounswäert schléit d'EU vir eng Enquête ze maachen, fir de Verursaacher erauszefannen an d'Quell vun der Belaaschtung ofzestellen.

Wat de Bläi ugeet, do gëllt dat europäescht Reglement 466/2001, wat e Wäert vu 0,3 mg pro Kilo frëscht Geméis festschreift. Fir Fuddermëttel gëllen d'Wäerter vun 0,75 Nanogramm pro Kilo fir d'Dioxinen an 10 mg pro Kilo fir Bläi op Basis vun der Direktiv 2001/102.

D'Situatioun zu Schëffleng, awer net nëmmen zu Schëffleng, och wann eng Zäit ëmmer nëmme vu Schëffleng geschwat gouf, mä och an all deenen anere Gemenge vum Süden, déi no bei der Stolindustrie leien, ass déi, datt besonnesch an de Wantergeméiser dës Wäerter regelméisseg iwwerschratt ginn. Fir déi betraffe Bierger gëllt deemno, datt si enger chronescher Belaaschtung ausgesat sinn, an et stellt sech wierklech d'Fro vum gesondheetleche Risiko fir dës Leit.

Deemno wëll ech vum Här Minister wëssen:

- Firwat ginn déi europäesch Direktiven a Reglementer net vum Ministère applizéiert?

- Firwat geet de Ministère net hin a léisst eng déifgräifend Etüd maachen iwwert d'Belaaschtung vun de Geméiser an de Produkter fir kléng Déieren am Ëmfeld vun Industrien?

Analysen op Héngereeër hu jo bewisen, datt dës belaascht sinn. An ech muss soen an der leschter Entrevue, wou ech nach verantwortlech war an der Schëfflenger Gemeng, do ware Vertrieder vum Santésministère, an do gouf festgehalen, datt Eeër wierklech belaascht waren, well e Kuelenuewen am Stall stong. De Kuelenuewen ass eraus geholl ginn, mä d'Belaaschtung ass nach eemol wéi d'anert déiselwecht. Et ass och keng kloer Ausso un d'Leit gemaach ginn, datt se dës Produiten net méi sollten iessen, a scho guer net méi verkafen.

Wär et net richteg fir de Verzier vun dëse Liewensmëttel a fir de Gebrauch vu Geméiser als Fudder fir kleng Déieren ze verbidden?

Ech soen Iech, Här Minister vun der Santé, am Viraus merci fir Är Äntwerten op meng Froen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat do ass eng Fro, déi scho bal, géif ech soen, an den technesche Beräich erageet, an zwar, dass se en fait net géif an d'Heure de questions erafalen.

Déi zweet Saach wou ech wëll soen, dat ass wat d'Emissioune vun Dioxinen ubelaangt, et en fait net de Minister vun der Santé ass, deen d'Kompetenzen huet, mä de Minister vum Environnement.

Vu dass déi zwee Kolleege vum Environnement net hei sinn, wëll ech awer trotzdeem Stellung dozou huelen.

Madame Stein, mir an der Santé hu keng Connaissance vun europäeschen Direktiven oder vun europäesche Reglementer. Et ass éischter esou, dass en fait all Land seng Wäerter opgestallt huet. Wann ech beispillsweis, wa mer schwätze vun Dioxinen a vu Furaner, de Conseil supérieur français de Santé publique huelen, deen huet verschidde Wäerter opgestallt. Et sinn och Däitschland an aner Länner, déi der opgestallt hunn, mä eenheetlech Wäerter an Europa ginn et, esouwäit wéi mir renseignéiert sinn, net. D'Kolleege vum Environnement kënnte mech kaum doranner verbesseren.

Wat elo d'Wäerter ubelaangt vun den Dioxinen, wéi gesot, déi gi regelméisseg vum Environnement suivéiert. Mir wëssen, dass am Januar e Problem zu Schëffleng war, an zwar bei der Firma ARES. Do ass awer direkt intervenéiert ginn. Do hu se erausfonnt, dass effectivement un der Anlag en technesche Feeler virlouch, an zwar bei engem Doseur vun der Installatioun. Deen ass direkt behuewe ginn. Duerno sinn nees eng Kéier Kontrolle gemaach ginn. Et huet sech erausgestallt, dass d'Wäerter nach liicht ze héich wären, an déi Firma huet, mengen ech, bis Enn Mee kritt, fir och déi néideg Améliorationen ze maachen.

Et ass falsch ze soen, dass de Ministère de la Santé trotzdeem absolut keng Etüde gemaach hätt. Mir hunn am Joer 2000 an am Joer 2001 eng Etüd gemaach, dat a Kollaboratioun mat Stop Dioxin, mat dem Mouvement écologique, Initiativ Liewensufank a Biomoniteur, an do sinn am ganze Land, esouguer a fënnef Regiounen, well de Weste mat derbäi geholl ginn ass, Vergläicher opgestallt ginn. Do hu mer, beispillsweis wat d'Koumëllech ubelaangt, am Ganzen 23 Wäerter am Land opgeholl, dovunner eelef am Süden. Am Süde waren d'Wäerter net méi héich wéi soss am Land.

Wat d'Eeër ubelaangt, si 16 Wäerter opgeholl ginn, dovunner der eelef am Süde vum Land, an do waren an engem Fall effectivement d'Wäerter ze héich. Dat ass wahrscheinlech dee Fall, wou Dir gesot hutt, wou e Four war an der Installatioun, do wou d'Héngere waren. Dee Mann ass awer somméiert ginn, éischtens emol net méi ze consommëieren, zweetens och näischt op de Maart ze setzen.

Wat d'Viande de lapin ubelaangt, sinn eelef Etüde gemaach ginn, dovunner der siwen am Süden. Och do war am Süden eng eenzeg méi héich, dat war komescherweis bei deemselwechte Produzent.

Wat d'Mammemëllech ubelaangt, sinn 22 Prouwe geholl ginn duerch d'ganzt Land, 16 am Süden, an do louchen d'Duerchschnëttswäerter, ech weess net wouduerch dass et kënnt, esouguer ënnert dem Rescht vum Land, wat also net op Dioxinschied géif hischléisse loossen.

Am Résumé muss ee soen, dass op alle Fall d'Charge vun den Dioxinen a vun de Furaner bei de Produkter, och bei de Produits alimentaires am Süde vum Land, eisen Erkenntnisser no net méi héich ass wéi am Rescht vum Land.

Merci.

M. le Président.- Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 284 vum Här Georges Wohlfart un de Gesondheetsminister iwwert d'Héngerpescht. D'Wuert huet de Kolleeg Georges Wohlfart.

### - Question N° 284 du 28 avril 2003 de Monsieur le Député Georges Wohlfart au sujet de la peste aviaire et des mesures de prévention visant à éviter la contamination à l'homme, adressée au Ministre de la Santé

M. Georges Wohlfart *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zanter elo zwee Méint ass eng nei Epidemie ausgebrach, déi an Holland, an der Belsch an och an den Nopeschlänner fir vill Opreegung an deenen interesséierte Milieuë suergt. An enger relativ detailléierter Äntwert op eng parlamentaresch Ufro vum Kolleeg Nico Loes huet gëschter, wann ech gutt am Bild sinn, den zoustännege Landwirtschaftsminister op eng Rei Mesuren higewisen, déi op europäeschem Niveau getraff gi sinn an Zesummenaarbecht mat deene concernéierte Länner, fir dëser Peschtepidemie Meeschter ze ginn.

Et ass dat och net, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat wëll ech direkt soen, en Oubli vu menger Fro, mä ech sinn hellhöreg ginn, wéi virun eppes méi wéi zwou Wochen en hollännesche Vétérinaire un deem Virus gestuerwen ass, e Virus dee bis dato als relativ inoffensiv fir d'Leit gegollen huet. An och wann een haut kann dovun ausgoen, dass de Konsument vu Fleesch oder Eeër keng gréisser Risikoë leeft, esou ass dat ganz anescht fir déi Leit, déi am Secteur schaffen, respektiv eng Iwwerwaachungsfonctioun mussen ausüben.

Ech sinn dann och gewuer ginn, och wa bis elo keng Transporter no Lëtzebuerg bekannt sinn, ons Noperen aus Nord-Rhein-Westfalen, déi jo och nach kee Fall vun Héngerpescht hate bis elo, awer décidéiert hunn, fir deene concernéierte Leit, déi am Secteur schaffen, respektiv de Veterinärsinspekteren, déi sech musse mat de Kontrollen ofginn, ze rode sech enger Impfung ze ënnerwerfen, preventiver Natur.

Ech wollt wëssen, well ech gëschter owend nach héieren hunn, dass och, trotzdeem an der Belsch eng Rei vu Zones de protection et de surveillance ageriicht gi sinn, an de leschten Deeg weider Fäll vun Héngerpescht opgetratt sinn, esou dass een net ka mat Sécherheet soe wéi dat weidergeet, ob d'Lëtzebuerger Regierung oder de Gesondheetsminister eventuell och dru geduecht huet fir déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg, et sinn der vill manner wéi am Ausland, dat weess ech, mä ëmmerhin, et si jo Leit involvéiert vun der Douane bei Kontrollen oder och vum Service vun de Veterinärsinspekteren, ob déi sollte sech impfe loossen, fir esou preventiv virun engem ganz virulente Virus senge Folge kënne geschützt ginn.

Dat Zweet ass, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ganz kuerz, mir hate virun zwee Joer e groussen Hearing hei mat enger öffentlecher Debatt duerno an der Chamber, iwwer alles dat wat mer ënnert der Sécurité alimentaire verstinn.

A wann ech elo kucken, wéi oft dass mer hei zesummen an de leschte Joren öffentlech Debatte gefouert hunn iwwert d'Problematik vum BSE, iwwert d'Problematik vun den Dioxinen, iwwert d'Problematik vun der Maul- und Klauenseuche, oder och nach iwwert d'Schwéngspescht an elo deen heite Fall, da muss ech awer soen dass ech net ka verstoen, dass mer déi Propositioun, déi mäi Frënd Ben Fayot deemools op den Dësch geluecht huet vun der Lëtzebuerger Agence de la sécurité alimentaire, nach eng Kéier eeschthaft, och um Niveau vun der Regierung, mëttelfristeg an d'A ze faassen. Ech mengen, dat wier eng Agence déi net nëmmen den Know-how hätt, fir kënnen esou eng Situatioun am allgemengen op eng neutral an objektiv Aart a Weis ze beuerteelen, mä déi sécherlech vu grousser Wichtegkeet wier, esouwuel fir de Secteur vun de Produzente wéi och fir de Konsument op där anerer Säit.

Ech soen Iech merci fir d'Äntwert, Här Minister.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass jo effectivement esou, dass déi Peste aviaire vun Holland iwwert d'Belsch agedroe ginn ass, sech hei zu Lëtzebuerg nach effektiv a Gott sei Dank net manifestéiert huet.

Wat elo d'Fäll ubelaangt, esou ass eis bekannt, dass an Holland 82 Fäll vun Infektioune waren. Dat heescht, dat waren op där enger Säit Conjonctiviten, op där anerer Säit e liichte Syndrome grippal, also näischt Gefäierleches. Dee Vétérinaire, dee gestuerwen ass, dat stëmmt, dat war de 17. Abrëll, en hollänneschen Vétérinaire vu 57 Joer, do muss een awer soen, huet d'OMS als Konklusioun gezunn, dass dat e Fall isolé wär an dass dee Mann op alle Fall kee Virus weider gedroen huet, wat trotzdeem relativ rassurant ass.

Et ass sous-entendu, dass d'Inspection sanitaire mat den Homologen aus deenen anere Länner zesummen ass an dass och eng Réunion de concertation um Niveau européen ugefrot ginn ass.

Wat d'Mesures de prévention spécifiques ubelaangt, ass et richteg dass et e prophylaktescht Medikament gëtt, dat och haaptsächlech an deene Géigenden ugewannt gëtt, wou d'Pescht sech scho manifestéiert huet. Allgemeng sinn d'Spezialisten awer éischter der Meenung, dass een, esou laang wéi näischt ausgebrach ass, mat deenen Dénger net sollt ufänken.

Ech wëllt ofschléissend soen, dass d'OMS awer och amgaang ass fir e Kit de dépistage ze entwerfen, dass deen ongefäier wäert an dräi Woche fäerdeg sinn an dass och actuellement dru geschafft gëtt fir e Vaccin ze fannen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 285 vum Här Robert Garcia un d'Erzéiungsministesch iwwert d'Chargés d'éducation. Den Här Garcia huet d'Wuert.

### - Question N° 285 du 29 avril 2003 de Monsieur le Député Robert Garcia au sujet des travaux en cours au ministère de l'éducation nationale en vue de conférer un statut plus stable à certaines catégories de chargés d'éducation de l'enseignement postprimaire, adressée au Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mir hunn an deene leschte puer Joer hei relativ intensiv an hefteg iwwert d'Problematik vun de Chargés de cours aus dem Primaire diskutéiert.

Mir wëssen awer alleguerten, dass et och Chargés de cours oder Chargés d'éducation am Postprimaire gëtt. Déi lescht Diskussioun a Régularisatioun doriwwer war, mengen ech, scho viru 15 oder 20 Joer an trotzdeem schaffen an deem Secteur eng ganz Partie Leit deelweis scho säit Joren, et hänkt natierlech och vun de Fächer of inwiefern d'Situatioun vun deene Leit méi oder manner geséchert ass. Dir hutt Fächer, wou déi Leit kënne sécher sinn, dass se hire Kontrakt all Joer verlängert kréien, an därselwechter Schoul eventuell, an aner Fächer, wou et méi prekär ka sinn.

Onofhängeg vu gewerkschaftlechen Ängschten, déi ëmmer fäerten do géif en Zweeklassesystem geschafe ginn, mengen ech, kann ee kaum widderleeën, datt et ëmmer wäert am Postprimaire Chargés de cours oder Chargés d'éducation ginn an et wäert sécher iergendwann eng Kéier den Zäitpunkt kommen, wou déi Leit, déi jo laang schonn aktiv sinn an déi sech och bewäert hunn, missten iergendeng Form vu Statut kréien.

Ech hu mir och soe gelooss, dass am Ministère Efforte géife gemaach gi fir eventuell en Avantprojet de loi auszeschaffen, e Spezial-Statut fir eng gewësse Kategorie vun deene Leit opzebauen. Ech wollt duerfir der Madame Ministerin e puer Froe stellen:

1. Wéi wäit sinn déi Aarbechte gediehen?

2. Wéi eng Resistenze sinn an deem Prozess do amgaangen opgebaut ze ginn?

3. An dat ass vläicht dat Wichtegst fir déi Leit, déi betraff sinn: Ass an dëser Legislaturperiod nach mat enger Initiativ vun der Regierung an déi Richtung ze rechnen?

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Erzéiungsminister Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Merci, Här President.

Dir Dammen, Dir Häre, den Här Garcia huet ganz richteg gesot, dass schonn am Ministère de l'Education nationale un engem Text geschafft gëtt fir d'Problematik vun de Chargés d'éducation am Postprimaire ze léisen, eppes wat ech och schonn hei op dëser Tribün annoncéiert hunn, well et ass ganz kloer, dass mer an deenen zwee Ordres d'enseignement ëmmer wäerte Personnel de remplacement brauchen. Dat, wann ee vum Besoin vum Stat ausgeet.

Op där anerer Säit muss een och d'Situation personnelle vun deene Leit kucken. An enger Zäit, wou mir probéieren am privaten Aarbechtsrecht jiddferengem seng Situatioun ofzesécheren, mengen ech, geet et net, dass mer beim Stat mat zweeërlee Moossen a Gewiichter kënne virgoen. Dat war jo och d'Motivatioun, firwat ech der Meenung war, datt mer am Primaire missten d'Affär vun de Chargés de cours regelen.

Ähnlech wéi am Primaire si mer amgaang en Text fir d'Chargés de cours am Secondaire ze maachen, déi dann net méi géingen un e Gebai affectéiert ginn. Dat ass nämlech méi schwiereg am postprimairë Beräich, well een do Spezialitéiten huet a verschidde Fächer, an et do méi schwiereg ass eng Pénurie oder eng Pléthore feststellen ze kënnen. Se géingen dann do an en nationale Pool affectéiert ginn a jee no Besoin an e Gebai geschéckt ginn.

Dat ass fir déi Leit net onbedéngt en Avantage, mä ech wëll dee Pool dann och opmaache fir Leit, déi de Concours gepackt hunn, déi all Qualifikatiounen erreecht hunn, mä net gläich kënnen eng Nominatioun an e Gebai kréien, ähnlech wéi am Primaire, esou datt och qualifizéiert Personal, wann et dann eng Kéier Pléthore gëtt, kann iwwert dee Pool goen. Mir sinn also amgaang do un engem Projet ze schaffen.

Den Här Garcia huet gefrot wellech Resistenzen do wären. Dee Projet ass nach net an der Consultatioun, esou dass keng Resistenzen nach bis elo wéinstens u mech erugedroe gi sinn. Et ass ganz kloer, datt mer och do mat Resistenze rechnen, mä ech mengen et muss een dat esou regele wéi am Primaire, mat gesondem Mënscheverstand am Intérêt vum Schoulbetrib engersäits, dat heescht am Intérêt vun de Kanner, mä och am Intérêt vun deene Betraffene selwer.

Den Här Garcia huet als drëtt Fro da gestallt, ob ech géing domat rechnen, dass dee Projet nach géing finaliséiert ginn am Laf vun dëser Legislaturperiod. Do kann ech Iech nëmme soen, Här President, dass ech hoffen, dass dat geléngt. Ech hoffen, dass ech am Hierscht dee Projet hei déposéiere kann, wat méi en technesche Projet ass, wat d'Texter ubelaangt, a wou ech hoffen, datt e kann am Intérêt vum System, am Intérêt vum Enseignement an am Intérêt vun deene betraffene Leit a raisonnablen Délaien hei gestëmmt ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 294, virgedroen duerch den Här Aly Jaerling, un de Gesondheetsminister, iwwert déi nei Longekrankheet SARS. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

## - Question 294 du 28 avril 2003 de Monsieur le Député Jean Colombera au sujet des mesures préventives prises afin d'éviter la survenance et la propagation de l'épidémie du SARS au Grand-Duché, adressée au Ministre de la Santé

M. Aly Jaerling *(ADR), en remplacement de M. Jean Colombera.*- Här President, dës Fro wollt eigentlech mäi Frënd, de Colombera's Jang, stellen, mä als Fräiberuffler ass et him net méiglech haut hei ze sinn, well säi Wartesall iwerfëllt ass.

***(Hilarité générale)***

Et ass nun eben eemol esou, dass d'Fräiberuffler leider net déi Méiglechkeeten…

***(Interruption)***

SARS kritt jo net jiddfereen, well och all Bazillus huet säi Stolz.

Et ass nun eemol esou, dass Fräiberuffler net déi Méiglechkeeten an der Politik hu wéi Leit aus anere méi favoriséierte Secteuren.

***(Interruption)***

D'Fro, déi ech hei stellen…

Dir wësst jo, datt ech net méi am NGL sinn.

***(Hilarité)***

D'Fro, déi ech hei stelle geet ëm d'SARS-Epidemie, déi d'Weltgesondheetsorganisatioun als déi éischt global Epidemie vum 21. Jorhonnert bezeechent an déi sech och an deene leschten Deeg an ëmmer méi Länner verbreet huet.

Fir d'éischt ass déi Longekränkt a China opgetratt a gouf SARS (severe acute respiratory syndrome) gedeeft, op Lëtzebuergesch schwéier akut Otemweesprobleemer mat déidleche Folgen. Dës potenziell déidlech Longenentzündung gëtt vun engem Virus verursaacht. E Medikament dergéint gëtt et anscheinend nach net.

An de betraffene Länner hu misse massiv Preventivmoossname geholl ginn. Et ginn zum Beispill Scanneren agesat, déi d'Temperatur vun de Passagéier moossen. Ass se méi héich wéi normal, da ginn dës Persoune méi genau ënnersicht. Bei eisen däitschen Noperen goufen d'Mataarbechter vun de Fluggesellschaften ugewisen, d'Passagéier scho beim Anchecken op Symptomer wéi Féiwer a geréit Aen ze kontrolléieren. Falls während dem Fluch e Fall optrëtt, da gëtt de Verdachtsfall direkt isoléiert an de Flughafe verständegt. Bei der Landung kënnt direkt e Medeziner u Bord fir de Verdachtsfall ze ënnersichen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Ugesiichts vum Charakter vun enger weltwäiter Epidemie vun dëser neier Kränkt stellt sech déi dringend Fro, wéi mer hei zu Lëtzebuerg preventiv täteg gi sinn oder nach zousätzlech musse ginn. Duerfir meng Froen un den Här Minister.

1. Wat fir eng Sécherheetsbestëmmunge sinn um Findel ergraff ginn?

2. Kënnen infizéiert Passagéier erausgefiltert ginn?

3. Gi Flich, déi aus besonnesch betraffene Länner kommen, systematesch iwwerpréift?

4. Wellech preventiv Mesurë sinn a Kooperatioun mat de Fluggesellschaften, déi um Findel landen, ënnerholl ginn?

5. Sinn oder gi Reesaschränkungen eventuell ausgesprach oder recommandéiert?

6. Wann op engem Fluch, deen hei lant, eng gréisser Zuel vu Verdachtsfäll wieren, hu mir Moyene genuch fir se kënnen a Quarantaine ze setzen?

Ech sinn iwwerzeegt, dass den Här Minister mir genau esou konkret op déi Froe wäert äntwerte wéi hien dem Här Colombera ëmmer äntwert.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et géif mir jo nimools an de Kapp komme fir dem Här Jaerling manner prezis ze äntwerte wéi ech dat beim Här Colombera gemaach hätt.

Mä zur Fro selwer muss ech soen, dass Lëtzebuerg ganz fréi schonn Informatiounen erausginn huet. Déi éischt Informatiounen un de Public, déi mir erausginn hunn, dat war den 11. Abrëll. Pardon, de 7. Mäerz war dat schonn. Mir hunn entre-temps véier Communiquéën erausginn. Déi lescht Kéier war dat de 24. Abrëll. Dat war iwwregens och deen Dag, wou ech eng Question écrite vum honorablen Här Gusty Graas beäntwert hunn a wou alleguerten déi Äntwerten an der Partie écrite stinn op déi Froen, déi haut nach eng Kéier oralement virgedroe gi sinn.

Duerfir vläicht am Résumé: Jo, Lëtzebuerg huet effectivement Recommandatiounen un d'Voyageuren erausginn, dat heescht esou wéi d'OMS et recommandéiert, huet d'Länner an zwou Kategorien agedeelt. Dat eent, dat sinn déi Reesen, déi fortement déconseillé sinn. Dat si Saachen, déi awer all Dag ännere kënnen. Dee leschte Stand ass deen, datt ënnert de Reeslänner, déi fortement déconseillé ginn, Peking, Toronto an d'Provënz Shanxi a China stinn. Et gëtt eng zweet Lëscht, dat ass déi wou mir de Leit recommandéiere fir hir Rees ze différéieren, dat heescht eng Zäitchen ze waarden. Et dréint sech do haaptsächlech ëm Taiwan, Hanoi a Singapur.



Wat d'Mesuren um Flughafen ubelaangt, esou muss ech soen, dass mer do a ganz enker Kollaboratioun mat sämtleche Responsablë souwuel vun der Luxair, wéi och vun der Cargolux schaffe konnten. Wat d'Luxair ubelaangt, esou wéi Dir et éinescht gesot hutt, dass op den auslänneschen Aéroporten d'Leit schonn alleguerte kontrolléiert ginn, beispillsweis wéi hir Kierpertemperatur ass an esou virun. Et misst een also dovun ausgoen, wa Leit aus gefährdete Länner kommen, dass déi scho virdru souwisou op engem aneren Aéroport gecheckt gi sinn.

Dovunner ofgesinn ass awer och d'Personal vun der Luxair geschoult ginn, fir bei deene mannste Syndromer, wann zum Beispill ee vill houscht oder vill néitscht an engem Avion, fir direkt dann awer scho preventiv Mesuren ze huelen. Dat gëtt direkt gemellt hei zu Lëtzebuerg, an zwar dass dee Moment iwwert den 112 direkt eng speziell Ambulanz um Flughafe steet. D'Leit gi vun do aus an de Centre hospitalier gefouert, wou an dem Département vun de Maladies infectueuses den Dokter Hemmer en charge ass. Mir wëssen, dass den Dokter Hemmer e grousse Spezialist an deem Domän ass an dass also hei zu Lëtzebuerg och all Mënsch ka grad esou gutt gehollef kréie wéi am Ausland.

Wat d'Cargolux ubelaangt, esou muss ech soen, dass d'Cargolux och ganz strikt Instruktioune kritt huet vun der Direktioun vun der Santé, an dat net méi spéit wéi de 17. Mäerz schonn, an dass och regelméisseg Kontrolle si vun der Inspection Sanitaire, esou dass och do d'Saach ganz seriö traitéiert gëtt an dass ech confiant sinn, dass mer kënne mat deene Mesuren, wou „strictes applications préventives" si vun der OMS, a wou mer näischt op der Säit gelooss hunn, dass dat op alle Fall wäert derzou bäidroen, dass mer hei zu Lëtzebuerg kënnen där Saach relativ confiant entgéint kucken.

Ech wëll allgemeng awer och soen, dass et net ass fir grouss Panik ze maachen, quitte dass et eng ganz seriö Ugeleeënheet ass. D'OMS geet dovunner aus, leschten Informatiounen no, dass hei an Europa de Pic erreecht gi wär, wat awer nach net de Fall wär a verschiddenen asiatesche Länner, esou dass ee virun allem muss mat de Reesen nach ganz gutt oppassen, esou dass ech all Mënsch hei am Land géing rode fir esou Reesen de Moment net ze ënnerhuelen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Mir kommen zur leschter Fro, der Fro 295 vum Här Serge Urbany un den Här Wirtschaftsminister iwwert den Index. D'Wuert huet den Här Urbany.

## - Question N° 295 du 29 avril 2003 de Monsieur le Député Serge Urbany au sujet de l'indexation des salaires au coût de la vie, adressée au Ministre de l'Economie

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, Ulass fir meng Fro haut de Mëtte sinn d'Deklaratioune vum neie Statec-Direkter Serge Allegrezza op der Televisioun, e Sonnden den 20. Abrëll, wou hien däitlech seng Preferenz fir d'Indexofschafung ausgedréckt huet. Hien ass och agetratt fir d'Ersetze vum gesetzlechen automateschen Indexmechanismus duerch e Mechanismus vu Kollektivvertragsverhandlungen.

Ech si mer bewosst, dass den Här Minister de Mëtten hei wäert deklaréieren, e gutt Joer virun de Wahlen, dass dës Regierung net beabsichtegt den Index ofzeschafen, trotzdeem meng Fro:

Wéi ass et méiglech, dass en héije Beamten aus dem Ministère vum Här Grethen widderhuelt - dat war schonn de Fall a senger fréierer Funktioun als ee vun den Haaptwirtschaftsberoder vum Här Grethen - öffentlech den Indexmechanismus a Fro stelle kann, an dat grad zu deem Zäitpunkt nach eng Kéier symbolesch widderhëlt, wou hien als neie Statec-Direkter jo gewëssermoosse Gardien vun deem Index soll ginn?

Ech mengen, dass déi Aussoen net méi kënnen als Ausrutscher oder als legitim perséinlech Meenungsäusserung vun engem Beamten ugeholl ginn, mä et schéngt mer éischter esou ze sinn, dass si dévoiléieren, wann net grad d'offiziell Politik, dann awer d'Preferenzen an Sympathië vu méi breede Kreeser an deem Ministère an an der Regierung.

A wouhin dee Beamten tendéiert, geet och nach aus enger anerer Ausso ervir, déi hien dee Mëtte gemaach huet, andeem e gesot huet, de Chômage wier viru kuerzem nach esou niddereg gewiescht, dass et him Angscht gi wier.

Mir kennen déi Rezepter, déi op en héije Chômage setze fir d'Inflatioun ze bremsen. Si ginn an déiselwecht Richtung wéi déi, den Index ofzeschafen.

Ech hätt dofir gären eng prinzipiell kloer Ausso, dass den Index och längerfristeg e wichtegt sozialpolitescht Instrument bleift an dass Lëtzebuerg sech géintiwwer vun allen, esouwuel nationale wéi internationale Bestriewunge wäert wieren en op d'Dauer ofzeschafen.

Den Index ass wéi de Mindestloun de Kollektivvertrag vun deenen, déi kee Kollektivvertrag hunn, an dofir hätt ech och gären eng Zouso, dass et net beabsichtegt ass den aktuelle legalen Indexsystem längerfristeg ze ersetzen duerch e System vu kollektivvertraglechen Upassunge vun de Léin un d'Deirecht, weder sektoriell nach national, well ech mengen an esou enger Hypothees wier et d'Patronat wat géif um laangen Hiewel sëtzen, an en Deel vun der Bevölkerung, an zwar grad deen Deel mat deene klengste Léin, géif ganz oder deelweis vun der Upassung vun de Léin un d'Deirecht ausgeschloss ginn.

Ech soen Iech merci.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Dës Stonn hei ass fir Froen ze stellen an net fir Ënnerstellungen ze maachen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dem honorabelen Här Serge Urbany ass sécher bewosst, dass den aktuelle Wirtschaftsminister Member vun der Demokratescher Partei ass, eng Partei där hir Grondphilosophie déi vum Liberalissem ass.

Mir hunn net zur Gewunnecht anere Leit, egal wiem an egal wou e schafft, e Maulkuerf unzedinn. An dat gëllt fir dës ganz Regierung, och fir déi, déi net an der Demokratescher Partei sinn. E Fonctionnaire, och wann et en héije Fonctionnaire ass, ass och do derniewent eng Privatpersoun, an déi Aussoen, déi den Här Allegrezza gemaach huet, huet e weder als Direkter vum Statec gemaach nach als fréiere Conseiller am Wirtschaftsministère.

Ech wëll, Här President, och wann dat net üblech ass, formell soen, dass den Här Allegrezza net Member an därselwechter Partei ass wéi ech. A wann dem Här Urbany säin Informatiounsdéngscht fonctionnéiert, da weess en dass den Här Allegrezza eng Sensibilitéit huet, déi eng aner ass wéi meng, déi ech awer absolut respektéieren. An déi Nominatiounen déi ech dem Conseil de Gouvernement virgeschloen hu weise jo och, dass seng politesch Aktivitéit a seng philosophesch Astellung mech net

drun hënnere fir him déi Verantwortungen ze iwwerdroen, déi hie kritt huet.

Den Här Allegrezza huet déi Aussoen, déi hie gemaach huet, a sengem private Numm gemaach am Kader vun enger Televisiounsémissioun, wou en eigentlech invitéiert war, ënner anerem well e Coauteur ass vun engem ganz interessante Buch wat erauskomm ass am Kader vum Institut d'Etudes européennes et internationales du Luxembourg iwwer: L'histoire, le présent et l'avenir du modèle luxembourgeois. An deem Kontext war den Här Allegrezza invitéiert. Ech géif och allen Deputéierten dat interessant Wierk zur Lecture recommandéieren.

***(Interruption)***

Et ass keng Publicité payée, wéi den Här Fayot elo mech gefrot huet, Här President, mä et ass awer, mengen ech, gutt gesot, well de Stat huet jo och iwwert de Budget kräfteg gehollef fir deem Institut dat do ze erméiglechen. Iwwert déi Ënnerstëtzung fir dat Institut hunn ech privat och eng Meenung.

Ech wollt, Här President, fir dass den honorabelen Här Urbany de Schlof net verléiert, him awer rappeléieren, dass dës Koalitioun an hirem Koalitiounsaccord Folgendes geschriwwen huet, an dobäi bleift et fir dës ganz Legislaturperiod. Dës Regierung ka sech natierlech nëmme fir dës Legislaturperiod engagéieren. Do steet, an dat hunn déi zwee Partner esou ofgemaach: „Les niveaux d'inflation très bas, que l'Europe et le Luxembourg connaissent depuis quelques années, réconfortent le Gouvernement dans sa volonté de ne pas modifier la politique en matière d'indexation automatique des salaires, traitements, rentes et pensions." Dat war am August 1999 esou ofgemaach. Dobäi bleift et bis un d'Enn vun dëser Koalitioun.

M. le Président.- Domadder wier d'Froestonn ofgeschloss a mir kéimen zum nächste Punkt, d'Diskussioun vum Projet de loi 4924 iwwert d'Modernisëierung vum Altersheim vum Heeschdrëfer Schlass.

Et si bis elo agedroen: déi Häre Klein, Bettel, Henckes an d'Madame Wagener. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Ferny Nicklaus-Faber.

## 4. 4924 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la modernisation, la transformation et l'extension du Château de Heisdorf en centre intégré pour personnes âgées

***Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse***

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Projet 4924, deen de Stat autoriséiert d'Modernisatioun, d'Ëmstrukturéierung an den Ausbau vum Heeschdrëfer Schlass an e Centre intégré pour personnes âgées zu 80% ze finanzéieren, ass e weidere Projet, dee sech an de Kader vum nationale Programm fir eeler Leit integréiert an esou der demographescher Evolutioun vun eiser Gesellschaft Rechnung dréit.

Eng Politik fir den Drëtten Alter, déi sech weise léisst, ass eng Politik, déi sech fir d'Rechter vun eisen eelere Bierger asetzt an op hir speziell Problemer a Besoinen ageet. Ee vun deene Problemer ass dee vum Logement.

Wann déi allermeeschte Leit sech wënschen esou laang et geet doheem ze bleiwen, stellt sech awer fir vill eeler Leit vun engem gewësse Moment un d'Fro, wou se hire Liewensowend wäerte verbréngen. Net jiddereen huet d'Méiglechkeet oder och de Wonsch bei der Famill ze liewen. Op där anerer Säit kënne si awer och net méi eleng an hirem Haus wunne bleiwen, an dëst trotz de villen ënnerstëtzende Moossnamen, déi an déi Richtung ginn.

Et ass also wichteg Opfangstruktur fir eeler Leit virzegesinn an ausräichender Zuel, och an héichwäerteger Qualitéit. De virleiende Projet de loi dréit zum intensiven Ausbau vun deene Moossname bäi, déi de Besoine vun den eelere Leit Rechnung droen. E gesäit eng integral Moderniséierung mat Ausbau vum aktuellen Heeschdrëfer Schlass, deen an e Centre intégré pour personnes âgées ëmstrukturéiert soll ginn. Mat dësem Projet gi 40 nei infrastrukturell Méiglechkeete geschafen, wéi och e psycho-geriatresche Centre fir déi 130 Pensionäre vum Site. Et gëtt bei dësem Projet vill Wäert op d'Funktionalitéit vum Centre intégré geluecht. Dëse Wëlle spigelt sech ganz gutt an der Décisioun erëm, déi verschidde Gebaier vum Site mateneen ze verbannen, an e gemeinsame psycho-geriatreschen Zenter ze schafen.

Bei der Rationaliséierung vun den Opfangstrukture soll et awer net bleiwen. D'Patiente sollen och en adequaten individuellen Encadrement genéissen, wat den Norme vun haut entsprécht. De Centre intégré wäert net nëmmen eeler valid Leit ophuelen, mä awer och liicht bis mëttelschwéier Fleegefäll. Schwéier Fleegefäll kënnen awer och weider am Centre betreit ginn. D'Infrastruktur ass esou konzipéiert, dass si sech deene verschiddene Validitéitsgrade vu Pensionären upasst.

Dëse Projet leet och Wäert op d'Konzeptioun vun de gemeinsame Raimlechkeeten, déi esou ageriicht ginn, fir dass si d'Pensionäre vun der Vue vum Park kënne profitéiere loossen. Et ass ganz vill mat Glas oder anerem transparente Material geplangt ginn. Fir d'Detailer verweisen ech op de Projet de loi.

Wat elo d'Finanzéierung vum Centre intégré ugeet, do dréit de Stat 80% vun de Käschten, déi sech op 12.407.000 Euro bezéien. Ongeféier 8 Milliounen Euro si fir de Volet Centre intégré virgesinn, de Rescht ass fir de Centre psycho-geriatrique geduecht. Well dëse Projet engem urgenten nationale Besoin un Infrastrukture fir eeler Leit entsprécht, huet de Regierungsrot décidéiert op Basis vum Artikel 13 vum ASFT-Gesetz vun 1998 eng 80%eg staatlech Finanzéierung ze erlaben. Nom initialen Text vun der Regierung dierft déi finanziell Verflichtung vum Stat net iwwer 9.926.000 Euro erausgoen, an dat ënnert dem Virbehalt vun enger legaler Erhéijung vum Konstruktiounspräis bis zum Ofschloss vun den Aarbechten.

Wat d'Upassung vun de Käschten ugeet, huet sech d'Famillejekommissioun entscheet enger Propos vun der Commission de Contrôle de l'exécution budgétaire, déi mat dem Accord vun der Cour des Comptes an dem Trésorminister élaboréiert ginn ass, nozekommen. De virleiende Gesetzestext gesäit vir, datt d'Käschten dem Indice semestriel des prix à la construction sollen ugepasst ginn, an net méi dem duerchschnëttleche Joresindex, wéi dat am initialen Text virgesi war. Dës Approche soll zu enger Harmoniséierung vun de Käschte bäidroen, d'Méthodologie un déi sech all d'Ministèren an Zukunft hale sollten. Eng harmoniséiert Méthodologie wäert och zu engem verbesserte Suivi vun de groussen Investitiounsprojete bäidroen. D'Ëmsetzung vun dëser Méthodologie dréit dozou bäi, datt d'Kommissioun am Kader vum virleiende Projet déi finanziell Participatioun vum Stat nei berechent huet. Dës Participatioun bedréit 10.673.000 Euro, wat enger Valeur vu 569,61 vum Indice semestriel des prix de construction op den 1. Oktober 2002 entsprécht.

Ech wëll hei kuerz bemierken, datt am Rapport vun der Kommissioun um Niveau vum Text coordonné vum Artikel 2 e klenge Feeler ënnerlaf ass, eng sougenannten Erreur matériel. D'Valeur 569,61 vum Index entsprécht der Valeur op den 1. Oktober 2002 an net op den 1. Abrëll 2002, wéi dat am Text coordonné steet. Et schéngt iergendwéi keen dat gemierkt ze hunn.

De Statsrot weist sech mat dëser Aart a Weis déi staatlech Participatioun festzehalen averstanen. De Statsrot ass awer net mat där Dispositioun averstanen, déi virgesäit, datt de Stat d'Zënsen am Kader vun engem Prefinanzement iwwerhuele soll. D'Famillejekommissioun war awer der Meenung, wéi dat scho bei anere Projeten de Fall war, datt de Stat senge Verflichtungen nozekommen huet.

D'Konventioun, déi tëschent dem Stat an dem Maître d'ouvrage de 25. Juni 2001 ënnerschriwwe gouf, gesäit eng staatlech Prise en charge vun dësen Zënse vir. Dës Verflichtung ass generell, a gesäit keng zäitlech Limite vir. D'Famillejekommissioun deelt awer dem Statsrot seng Recommandatioun, an Zukunft d'Konventiounen esou ze libelléieren, datt all finanziell Verflichtung, där de Maître d'ouvrage virun der Ofstëmmung vum Gesetz zougestëmmt huet, ënnert deem seng eege Verantwortung fält. D'Konventioune sollen no engem vernünftegen Délai vum Législateur gestëmmt ginn. De Statsrot an d'Famillejekommissioun schloe vir an Zukunft en Délai maximal an de Konventioune virzegesinn, an dëst tëschent der Ënnerschréft an der Ofstëmmung an der Chamber. Wann dësen Délai net agehale gëtt, gëtt d'Konventioun hifälleg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zuel vun de Leit, déi iwwer 65 Joer sinn, huet sech an engem Jorhonnert vervéierfacht a wäert an Zukunft weider zouhuelen. Dës demographesch Evolutioun stellt eng grouss Erausfuerderung fir eis Gesellschaft duer. De virleiende Projet de loi dréit dozou bäi, dëser Erausfuerderung standzehalen. Esou wäit zum Rapport.

Erlaabt mer awer nach eng zousätzlech Iwwerleeung. D'Schafung vu Centres intégrés fir eeler Leit ass a mengen Aen nëmmen en Deel vun enger aktiver Politik fir den drëtten Alter. D'Fro vun engem qualifizéierte Personal wäert sech an Zukunft nach méi aktuell stelle wéi bis elo, notamment beim Fonctionnement vun all deenen neie Fleegehaiser. Hei bleift nach munches ze planifiéieren an och ze iwwerdenken, virun allem och wat d'Motivatioun fir jonk Leit ugeet, sech an dëse Fleegeberuffer ze engagéieren.

Am Numm vun der Famillejekommissioun géif ech Iech bieden dëse Projet eestëmmeg unzehuelen. Ech ginn heimat och den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. E gëtt awer ersat, well e gesondheetlech verhënnert ass, duerch d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

D'Madame Delvaux huet d'Wuert.

***Discussion générale***

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP), en remplacement de M. Jean-Pierre Klein.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi Dir wësst ass de Jempi Klein aus gesondheetlechen Ursaachen haut net an der Chamber, an de Projet vum Heeschdrëfer Schlass läit him awer a senger anerer Qualitéit als Buergermeeschter ganz grouss um Häerz, an dofir soen ech Iech elo am Numm vum Här Klein wat hie gesot hätt wann en hei wär.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi war laang an der Prozedur. En ass 2002 am Mäerz déposéiert ginn an ass dunn e puer Modificatiounen ënnerworf ginn, déi allerdéngs am finanziellen Intérêt vum Maître de l'ouvrage, der Gesellschaft MAREDOC, sinn. Dat ass, datt de Plaffong vun der finanzieller Participatioun vum Stat gehéicht ginn ass engersäits, an anerersäits iwwerhëlt de Stat d'Zënsen integral vum Prefinanzement vum Maître de l'ouvrage vun Ufank bis zur Fäerdegstellung vun den Aarbechten.

Et gëtt Zäit, datt elo mat deenen ambitiéisen Aarbechte kann ugefaange ginn, fir datt d'Pensionären esou schnell wéi méiglech kënnen an dat neit Gebai, de Centre intégré, anzéien. Während den Transformatiounsaarbechte sinn d'Schwësteren aus dem Haus a provisoresche Pavillonen ënnerbruecht ginn, Pavillonen déi allerdéngs ganz komfortabel ageriicht sinn, ëmmerhin awer nëmmen e Provisorium duerstellen, dee soll während dräi Joer déngen.

Dat neit Gebai hëlt d'Leit vun den Haiser vum ganze Site op, ausser déi vum Tricentenaire, dem Foyer vun den Handicapéierten, deen och an der Enceinte vum Park vun Heeschdrëf ugesiedelt ass. Mir mengen, datt awer dofir soll gesuergt ginn, datt d'Bewunner vum Tricentenaire och misste kënne vun deenen neie gemeinsamen Infrastrukture profitéieren.

Fir d'Exécutioun vun dësem Projet méiglech ze maachen, huet de Steeseler Gemengerot de Bebauungsplang, de Plan d'aménagement général ëmgeännert an deem Sënn dass d'Gréngzon geschnidde ginn ass. D'Restauratiounsaarbechten integréiere sech gutt an deen ale Bau, an d'Klouschter, dat zum Patrimoine architectural vun der Steeseler Gemeng gehéiert, ee Patrimoine deen eng räichhalteg historesch Vergaangenheet huet, seet den Här Klein. Duerfir ass dee ganze Projet ausgeschafft ginn ënnert der Kontroll vum Service des sites et monuments nationaux, deen och säin Aval ginn huet.

Der Energieaspuerung ass bei der Planung och weitgehendst Rechnung gedroe ginn duerch eng Isolatiounsfassade, duerch duebel Fënsterverglasung, duerch d'Isolatioun vum Daach, duerch Solarkollekteren an duerch Ventilatioun mat Hëtzterëmgewannung. Dat ass e komplizéiert Wuert. D'Steeseler Gemeng huet et och méiglech gemaach, fir dass de ganze Centre kann un d'Erdgasnetz ugeschloss ginn. Dat ass e grousse Virdeel fir d'$CO_2$-Emissioune vun deene ville Gebaier ze reduzéieren. Dat Ganzt ass an engem wonnerbare Park geleeën, deen eng Fläch vu ronn 12 Hektar huet an an deem d'Pensionäre Rou an enger schéiner Ëmwelt genéisse kënnen.

***(Brouhaha général)***

Mir hoffen, dass den Ufank vun den Aarbechten net retardéiert gëtt duerch de Kommodo, well dës Prozedur ass an der Steeseler Gemeng gelaf, an zwar ouni Reklamatiounen. De Schäfferot huet dozou en Avis favorable gemaach an ech, den Här Klein, maachen den Appel un den Ëmweltminister fir der Kommodo-Autorisatioun eng Dréngléchkeet anzeraumen, fir datt de Chantier kann ugoen, well de Buergermeeschter huet scho laang seng Autorisatioun dozou ginn.

***(Interruptions diverses)***

Wat d'Aarbechten éischter uginn, wat se éischter fäerdeg sinn an d'Leit éischter vun dëse modernen Infrastrukture profitéiere kënnen. An dësem Sënn wëll ech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

Une voix.- Très bien, Här Klein.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virops wëll ech der Rapportrice, der Madame Ferny Nicklaus, merci soe fir hiren excellente Rapport.

***(Interruption)***

Et ass kee Geschmalz, Här Di Bartolomeo. Et ass éierlech gemengt.

***(Hilarité)***

Am nationale Programm fir déi eeler Leit läit den Haaptaccent op der Entwécklung vun alle Moossnamen, déi et den eelere Leit erlaben doheem an hirem gewinnte Kader ze bleiwen. Dispositiounen, wéi d'Aide à domicile, de Repas sur roues, den Téléalarme an d'Dagesfoyere si gutt Moossnamen a mir begréissen hiren Ausbau ausdrécklech. Allerdéngs musse mer feststellen, datt de Maintien à domicile seng Grenzen huet.

Et ass ganz oft net méiglech all déi Hëllefen a Soinen enger eelerer Persoun doheem ze ginn. Aner Leit zéien et vir, och wa se nach méi oder wéineger valide sinn, an e Centre intégré wunnen ze goen, well se fäerten dass se eleng doheem sozial isoléiert sinn. Et ass jo ëmmer manner de Fall, dass eeler Leit bei hire Famillje wunne kënnen an do och versuergt ginn. Och wann dat ze bedaueren ass, ass dat eng Tatsaach wéi och d'Gefor vun der sozialer Isoléierung eng Tatsaach ass. D'Konzept vum Centre intégré erméiglecht et dëst ze verhënneren, well et eng Struktur ass, déi déi sozial Kontakter erméiglecht a fördert, mä gläichzäiteg och den eeleren Awunner déi néideg Privatsphär an Autonomie garantéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Moderniséierung an den Ausbau vum Heeschdrëfer Schlass an e Centre intégré pour personnes âgées an d'Schafe vun engem Centre psycho-gériatrique op deem Site reie sech an d'Efforten an, déi am Koalitiounsprogramm vun 1999 préconiséiert goufen an déi an deene leschte Jore gemaach gi si fir eisen eelere Matbierger de Liewensowend esou schéi wéi méiglech ze gestalten.

Aus dem Rapport annuel vum Familljeministère liesen ech eraus, datt am Joer 2002 net manner wéi 22 Projete suivéiert gi sinn, déi nei Konstruktiounen, Transformatiounen oder Mises en conformité vu Centres intégrés, Pflegeheemer, Centres psycho-gériatriques a Clubs Senior waren. Iwwer 34 Milliounen Euro sinn eleng 2002 investéiert ginn.

D'Unzuel vu Pflegebetter wäert à terme vun eppes ëm déi 4.530 am Abrëll 2002 op praktesch 5.700 wuessen, wann all déi Projeten, déi en cours sinn an déi mer hei nach diskutéiere wäerten, realiséiert sinn. Vill vun deenen Aarbechte wäerten dëst Joer nach ofgeschloss ginn. Demographesch Entwécklung bedeit, datt de Besoin fir esou Infrastrukture wäert bestoe bleiwen. Doran ze investéieren ass also eng Investitioun an d'Zukunft. An deem Sënn bréngen ech d'Zoustëmmung vu menger Partei fir dëse Gesetzesprojet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, ganz kuerz nëmme fir der Madame Rapportrice merci ze soe fir hire mëndlechen a schréftleche Bericht. E puer Bemierkungen zum Projet selwer.

Dat eent ass, dass ech bedauere muss, datt mer d'Autorisatioun vum Kommodo an Inkommodo net vir-

läit, wat meeschtens mat sech zitt, datt herno de Risiko besteet, wa verschidden nei Konditiounen an där Autorisatioun leien, datt dann den Devis an d'Luucht geet a mer deen Ablack nees eng méi héich Dépense virleien hunn. Et wier besser, wann an der Zukunft ëmmer vun der Regierung dofir géing gesuergt ginn, datt all d'Autorisatioune virleie géingen, ier datt d'Projeten an d'Chamber kommen.

Den zweete Punkt, deen ech d'Madame Ministerin froe wollt, dat ass, étant donné datt hei ronn 80% vun den Dépensen duerch e Subsid finanzéiert ginn, ob do virgesinn ass, esou wéi et misst sinn, datt och déi Aarbechten öffentlech ausgeschriwwe ginn, well sech de Stat jo méi wéi 50% un den Dépensë bäi deem Bau hei bedeelegt.

Dat gesot, mengen ech, ass et wichteg, datt mer ëmmer weider Better an esou Infrastrukture schafen, an duerfir bréngen ech och den Accord vun der ADR-Fraktioun zum Projet.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Ech wäert net weider spezifesch op dëse Projet agoen, dee mir als grénge Grupp natierlech kënne mat ënnerstëtzen.

Ech wollt just e puer allgemeng Wierder soen zur Thematik vun de Konventiounen, ech hat dat och d'lescht Kéier scho kuerz ugeschnidden, dass déi an deenen allermeeschte Fäll eigentlech deene Projets de loi, déi mir virgeluecht kréien, net bäileien. Dobäi wär et awer menger Meenung no ganz interessant emol méi genau ze wëssen, wat dann an deene Konventiounstexter steet, a vläicht och schonn op engem Niveau kënne mat ze diskutéieren oder zumindest kënnen eranzekucken, wa vläicht nach net alles décidéiert ass.

Ech denken zum Beispill un d'Thematik vun der ekologescher Bauweis, un d'Energiefro, déi ech hei schonn öfters opgeworf hunn, mä awer och un d'Konzept vun der Gérance oder un d'Angebot, wat an deene jeeweilege Centres soll gemaach ginn un d'Leit. Dat sinn alles Punkten, wou mir am Fong just nach après coup, wann iwwerhaapt, driwwer informéiert ginn, well mir jo just hei nach e Budget débloquéieren. Ech denken, datt et awer wichteg wier, och fir d'Chamber, wann een och net ëmmer an all Detail ka goen, fir sech do besser ze informéieren.

En anere Volet, dee schonn ugeschnidde ginn ass, dat ass dee vun der Zäit, dass déi Konventiounen oft schonn zënter Méint oder zënter Joren ënnerschriwwe sinn, wann dee Projet de loi hei an d'Chamber kënnt.

Doriwwer eraus kann ee sech awer och d'Fro stellen, wéi sech déi eenzel Projeten, vun deene mer jo an der lescht eng ganz Rei elo erëm gestëmmt hunn, sech an en nationaalt Konzept vun engem Angebot vun Altersheimer a Pfleegestrukturen areien. Ech denken, dass och déi privat Centren, déi jo vum Stat ganz staark finanziell ënnerstëtzt ginn, en Deel vun deem globale Konzept sinn. Och do wär et interessant eben ze wëssen, ob do einfach Pilotage à vue gemaach gëtt oder ob et duerchaus ëmmer e ganz prezise Sënn ergëtt, wann ee Centre an enger gewësser Géigend e gewëssent Angebot huet oder wéi dat ofleeft.

Et schéngt mer och esou ze sinn, dass et ganz ënnerschiddlech Bedürfnisser gëtt a puncto Altersstrukturen. Ech weess net, ob mir hei zu Lëtzebuerg schonn esou wäit si wéi an anere Länner, wou vläicht méi diversifizéiert nach gëtt an deem Beräich. Mir hu wahrscheinlech materiell ganz vill unzebidden an eisen Altersheimer. D'Fro stellt sech awer, ob dat ëmmer déi allerbeschte Léisung ass.

Ech hu mer soe gelooss, datt zum Beispill an Holland duerchaus erëm eng Kéier Angeboter gemaach gi vun Altersheimer, déi ganz sober sinn, wou ee just e Minimum vun Déngschtleeschtungen an Angeboter gemaach kritt als eelere Mënsch, well et eigentlech drëms geet, dass ee weiderhin déi Strukturen an déi Servicer an Usproch hëlt wéi een dat virdrun och scho gemaach huet.

Dat heescht, datt een am Fong en Deel vun der Gemeinschaft bleift an där een ëmmer dra war an datt een net als eelere Mënsch op eemol op engem Ofstellgleis ass, wou een duerchaus vläicht da materiell versuergt ass, mä wou ee kee Kontakt méi mat deenen normale Servicer huet vun der Gemeng oder vum Stat. Dat sinn also Froen, déi ee sech och zu Lëtzebuerg, mengen ech, sollt stellen, ob een net zumindest misst méi e gefächert Angebot an deem Beräich offréieren.

En anere Punkt ass dee vun der Gréisst. Dat hat ech och schonn hei opgeworf an ech krut vun der Ministesch geäntwert, dass dat oft eng Fro vun der Rentabilitéit wär, datt mer zu Lëtzebuerg relativ grouss Strukturen hunn. Trotzdeem wéilt ech déi Fro awer nach eng Kéier opwerfen, well och do hunn ech d'Gefill, datt ee vläicht misst ufänken e bëssen aner Weeër ze goen.

Am Ausland ginn do vill méi Experimenter nach gemaach, wéi dat vläicht hei zu Lëtzebuerg de Fall ass. Ech denken do zum Beispill un Alterswunngemeinschaften. Och do kéint een als Stat oder Gemengen, andeems ee Privatträger subventionéiert, vläicht méi aktiv ginn. Och dat kéinten interessant Projete sinn, wou d'Leit an hirer Gemeng, an hirer Stad weiderhi kéinten an enger vertrauter Ëmwelt wunne bleiwen, quitte datt dat natierlech vläicht méi deier gëtt, wéi wa mer grouss Strukturen hu mat 40 Zëmmeren oder méi.

En aneren Aspekt. Ech stelle fest, dass mer an der Lescht haaptsächlech Projeten déposéiert kritt hunn, déi éischter am ländleche Raum situéiert sinn. Do ass d'Fro, ob een domat déi eeler Leit esou glécklech mécht. Virdrun ass gesot ginn, et wär ganz schéi fir am Grénge ze sinn an enger idyllescher Landschaft, mä op där anerer Säit stellt d'Fro sech awer, ob een déi eeler Leit glécklech mécht, andeems een hinnen Offere mécht, déi oft ganz wäit vun den Zentren ewech sinn a wou et zumindest méi schwiereg ass fir um Alldag vun deenen anere Leit deelzehuelen.

Voilà, Här President, dat war eng Rei vu méi allgemenge Feststellungen, wou ech denken, dass ee vläicht sech nach méi am Detail kéint driwwer ënnerhalen. Wéi gesot, deen heite Projet kënne mir natierlech mat stëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Familljeminister Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng Freed fir hei an d'Chamber ze kommen, wann ee mat esou Projete kënnt, wou dat ëmmer esou an der Unanimitéit erofgeet. Et ass net bei de Projeten alleguer esou, mä generell fir den drëtten an de véierten Alter ass d'Chamber ëmmer ganz generéis.

Ech géif der Madame Ferny Nicklaus villmools merci soe fir hire Rapport, selbstverständlech alle Riednerinnen a Riedner. Och géing ech mir wënschen, datt den Här Klein erëm geschwënn an der Fassong ass, a vläicht kënnt e jo och fir Rekonvaleszenz bei d'Schwësteren an d'Haus goen. Do géif hie bestëmmt gutt versuergt ginn. Et war him effektiv eng grouss Suerg, datt dat esou séier wéi méiglech géing ugoen, an ech schléisse mech selbstverständlech deene Wënsch un, datt méiglechst séier déi aner Genehmegungen do sinn, datt dat och ka gebaut ginn.

Et geet besonnesch bei enger Partie vun deene Projeten, déi mer déi lescht Zäit hei haten, ëm Modernisatioun an ëm Extensioun, mä virun allem emol ëm d'Modernisatioun, well mer eng ganz Partie vun Haiser hunn, déi al sinn, déi ganz dacks Zëmmeren hu mat zwee Better, wou nach keng Dusch dran ass, wou keng Toilette dran ass, a wou mer awer mengen datt et wichteg a richteg wier, datt déi eeler Leit och vun deem Confort kënnte profitéieren, dee mer haut generell iwwerall an den Haiser hunn.

Ganz dacks kascht eis den Ëmbau an den Ausbau méi deier, wéi wa mer nei géinge bauen, an dat wäert Der an där nächster Zäit erliewen, wann aner Projete bis sproochräif si fir hei an d'Chamber ze kommen, datt et meeschtens méi avantagéis ass, wann ee ganz nei ka bauen.

Ech géing just wëlle soen, datt et net ëmmer esou evident ass an och net ëmmer un deene Leit läit, ob dat Gemenge sinn oder Privatträger, déi een Haus bauen, well vun der Konventioun u bis zu deem Moment wou et e Gesetz gëtt dauert et eng Zäitchen, an déi Leit kënne jo eréischt nodeems se d'Konventioun hunn ufänke Plangen auszeschaffen. Oft gëtt et dann och nach op deem Terrain Schwieregkeeten, aner Contraintë sinn do, an dat féiert dann erëm derzou, datt et nach eng weider Zäit dauert, Zäit déi net am Viraus anzecalculéiere war. Dofir mengen ech, datt et net sënnvoll ass fir sech fest Datume virzehuelen, wou ee sech meeschtens net kann drun halen.

Ech sinn och frou, datt mer an deem heite Projet der Madame Wagener kënne Satisfactioun ginn, well et ass am Rapport festgehalen, datt och dem ekologesche Standpunkt Rechnung gedroe gëtt, besonnesch gouf gekuckt datt dat energiesméisseg esou gerecht an esou korrekt sollt si wéi nëmme méiglech. Op engem Site, deen esou grouss ass wéi dat hei, ass dat selbstverständlech och méi liicht ze maachen, wéi wann dat nëmmen en eenzelt Haus wier.

Zu Recht ass hei drop higewise ginn, datt mer an deene leschte Joren enorm vill Sue geplangt a verplangt hunn. Wat all déi Infrastrukture fir den drëtten Alter ubelaangt, sinn nach ongeféier 1.300 Zëmmeren an der Planung. Wann een déi zu 8,5 Milliounen där aler Frange rechent, da kënnt Dir Iech ausrechnen, wat eleng un Infrastrukture fir den drëtten Alter zur Verfügung gestallt gëtt. Mir maachen do keen Ënnerscheed, ob dat Gemenge sinn oder ob dat Privatträger sinn, déi déi Aufgab op sech huelen. Wa se sech un d'Konditiounen halen, dann ass et kloer datt se vun deene selwechten Hëllefe kënne profitéieren, mat der Ausnahm wann et sech géing ëm kommerziell Organisatiounen handelen, wou mer dat net maachen.

Mir hoffen also och, datt mat deem heite Projet enger ganzer Partie vu Modernisatioune ka Rechnung gedroe ginn. Mir wäerten an deenen nächste Wochen a Méint nach méi dacks Geleeënheet hu fir weider Projeten hei ze presentéieren, an do mengen ech wierklech datt et eng Kéier sënnvoll wier, fir ze verhënneren datt bei all neie Projet ëmmer erëm déiselwecht Froe gestallt an déiselwecht Äntwerte gi ginn, et gutt wier méi generell, an der Familljekommissioun oder op dëser Plaz, Opschloss driwwer ze ginn, wat mer alles an deene leschte Jore gemaach hunn.

Mir gesinn, datt et ëmmer méi Demandë gëtt, net unbedingt well d'Leit net doheem wëlle bleiwen, oder net doheem gehale ginn, mä well d'Leit ëmmer méi schwéier fleegebedürfteg ginn, well se ëmmer méi al ginn, an et dann och fir d'Familljen an d'Kanner, déi nach ëmmer d'Kanner bleiwen awer längstens keng Kanner méi sinn, déi dann dacks selwer 70 Joer al sinn a méi, an dofir net méi kënne selwer hir eeler Leit versuergen.

Ech sinn och frou datt mer an der Familljekommissioun en Datum fixéiert hu wou mer wäerten iwwert den Accueil gérontologique schwätzen, en anert wichtegt Element, a vläicht ass dat och de Kader dee sech bitt, fir méi generell iwwert déi verschidde Moossnamen, déi mer an deem Kader gemaach hunn, ze diskutéieren an ze gesinn, wat fir eng Hëllefen - de Gesondheetsminister a Minister vun der Sécurité sociale ass hei - iwwert d'Fleegeversécherung bezuelt ginn, wat iwwert de Pensiounspräis bezuelt gëtt, alles dat wat an deem Beräich gemaach gëtt. Ech denken datt Der iwwerrascht wäert sinn, wat dat fir Zommen ausmécht, mat deene mer probéieren deene berechtegten Erwaardunge vun eiser Bevölkerung nozekommen.

E wichtege Grupp an eiser Gesellschaft, wou mer och gesinn, datt en ëmmer méi grouss gëtt, dat sinn déi Leit déi dement sinn a wou mer musse kucken, datt mer an Zukunft dofir suergen, datt och Institutiounen do si wou si kënnen dra kommen, well déi Leit awer zu engem Deel aner Besoinen hunn a wou mat anere Konzepter haut geschafft gëtt wéi dat fréier de Fall wor. Och fir déi Pensionären, déi nach soss an deenen Haiser sinn, ass et net ëmmer liicht fir 365 Deeg am Joer mat schwéier demente Leit zesummen ze sinn. Dofir muss ee kucken, datt een och fir déi Leit déi Infrastrukture mat deene Konzepter kritt, déi se brauchen.

Ech soen, Här President, der Chamber merci fir d'Unanimitéit vum Vote vun dësem Projet.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4924 a stëmmen doriwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4924.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 58 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Nico Loes), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Théo Stendebach), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Jos Scheuer), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jean-Pierre Koepp), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4925 iwwert de Bau vun engem Zentrum fir eeler handicapéiert Leit zu Fréiseng.

Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Mars Di Bartolomeo, d'Madame Nagel, den Här Gibéryen an d'Madame Wagener. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf.

## 5. 4925 - Projet de loi autorisant la participation de l'Etat à la construction d'un centre intégré pour personnes handicapées âgées à Frisange

***Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse***

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4925 iwwert d'Konstruktioun vun engem Centre fir handicapéiert Persounen zu Fréiseng huet, wat d'Procédure législative ugeet, mengen ech, gutt fonctionnéiert. Dëse Projet gouf de 14. Mäerz 2002 déposéiert, an de Rapport gouf schonn adoptéiert den 1. Abrëll, an haut hu mer de Vote an der Chamber. Dobäi waren zwee Avisë vum Statsrot, een eng Kéier de 26. November 2002, an deen zweeten Avis complémentaire de 25. Mäerz 2003, wat also weist, dass mer hei wierklech schnell geschafft hunn, an déi negativ Téin, déi ee beim Projet vu virdrun héieren huet, kann een hei net onbedéngt gëlle loossen.

Datselwecht zielt och fir d'Konventioun. Déi Konventioun gouf ënnerschriwwen den 11. Abrëll 2000, an den Avenant, deen am Fong geholl de Projet als solche richteg finaliséiert huet, gouf de 25. Juni 2001 gemaach, esou dass mer 22 Méint gebraucht hu bis mer e Vote kritt hunn, wat, géif ech mengen, eng schnell Prozedur wär.

Et geet jo drëm fir dat Heem fir eeler Handicapéierten, dat vun der Fondatioun Kräizbierg als Maître d'oeuvre gebaut gëtt um Schoumansbongert zu Fréiseng, ze finaliséieren. Mir baséieren eis hei wéi bei ville Projeten op den Artikel 80 vun der Loi modifiée vum 8. Juni 1999. Wa mer e Projet hunn dee méi wéi 7,5 Milliounen Euro kascht, muss e Gesetz gemaach ginn. Dat maache mer dann haut an hei. Mir beweegen eis hei am Kader vum Programme national fir Personnes âgées, wou jo op där enger Säit de Maintien à domicile héich gehale gëtt, op där anerer Säit gëtt och versicht duerch Renovatioun, Modernisatioun, an Neibau vun Infrastrukturen der Problematik an dësem Beräich gerecht ze ginn.

Dëse Projet huet eppes Neies, wat mir bis elo nach net haten, an zwar den Aspect handicap. Et ass den éischte Centre intégré vu Personnes handicapées vieillissantes, an et ass gewosst dass ee grousse Bedarf vun Opfaangstrukture fir Handicapéierter do ass, an et ass och gewosst dass eis Gesellschaft ëmmer méi e grousst Bewosstsein par rapport zum Handicap kritt. Dëst Joer hu mer d'Joer vum Han-

dicap. Et ass e weidert Element dat dozou féiert, dass ëmmer méi versicht gëtt, déi Handicapéiert besser ze integréieren.

Et ass och gewosst dass, doduerch dass d'Liewenskonditiounen an d'Liewenserwaardung an d'Luucht ginn, déi handicapéiert Leit, och déi polyhandicapéiert, méi al ginn. A gewosst ass och dass dee psycheschen Handicap, besonnesch no 40 Joer d'Leit ganz oft méi ofhängeg ginn, an do muss da gehandelt ginn. Dofir geet et och drëm dës Strukturen esou ze konzipéieren, dass d'Capacitéite vun deem Eenzelne stimuléiert ginn an dass dee sozio-edukativen Encadrement adaptéiert ass.

Et ass gewosst, dass dës Leit ganz oft keng Familljenugehéiereg méi hunn, oder och oft Leit ëm sech hunn déi eeler sinn an déi net onbedéngt méi kënnen an der Fleeg hëllefen. Dofir muss och do esou gehandelt ginn, dass dës Leit sech kënnen eleng beweegen, an et ass och gewosst dass déi psychesch Handicapéiert ganz oft net méi wëllen an hirer Famill bleiwen an hei dann en Heem fannen, en Heem fir hiert Liewen. Ganz oft och kënnen dës Leit net méi hire professionellen Aktivitéiten nogoen, esou dass dës Leit da musse wierklech als definitiv Struktur dës Gebailechkeeten ugesinn.

Si sinn also esou konzipéiert ginn, dass e puer Aspekter do beienee kommen. Een Aspekt ass deen dass, wéi ech et och scho gesot hunn, ganz oft fir dës Leit d'Dépendance an d'Luucht geet. Da misste se Intensivfleeg kréien, Intensivfleeg déi hei méiglech gëtt, an et brauch keen Transfert gemaach ze ginn an eng Klinik. Dat ass eppes Flottes, mä op där anerer Säit werft et Froen op, well wa mer dat soen, da bewege mer eis hei an enger Structure extra-hospitalière, an da bewege mer eis an enger Logik déi net esou einfach ass, well op där enger Säit hu mer de Familljeminister, deen do d'Kompetenz huet, a wann et ëm d'Santé geet de Gesondheetsminister, wann et extrahospitalière ass. Dofir stellen ech mer och hei d'Fro, wéi dann dëse Service oder dës Unitéit soll fonctionnéieren, wéi hei de Finanzement garantéiert ass. Et huet een Avantage, dass, wéi gesot, déi Leit hei à charge kënne geholl ginn. Et huet den Avantage, dass d'Leit zum Beispill kënnen opgeholl ginn, déi eng Ootmunginsuffisenz hunn. Si brauche keng Hospitalisatioun méi déi wierklech akut ass a kënnen hei da behandelt ginn. An och dat Element, dass d'Leit vum Centre Hospitalier neuro-psychiatrique vun Ettelbréck hei kënnen am Kader vun der Dezentralisatioun ënnerkommen, Leit déi eng duebel Pathologie hunn, ass e weidert Element a weist weider wéi komplex dës Gebailechkeeten a wéi gutt déi musse gebaut sinn, fir alle Gegebenheete gerecht ze ginn. Ech géif mengen, dat wär réusséiert, esou dass déi 56 Pensionären, déi a siwe Gruppen opgedeelt si vun aacht Leit, sech hei wuelfille wäerten.

Mir hu véier Gruppe vu Leit, déi e psycheschen Handicap hunn. Mir hunn zwou Gruppe vu Leit, déi duebel Pathologie hunn, déi also am Kader vun der Dezentralisatioun vum CHNAP dohinner kommen, an ee Grupp vu Leit, déi Ootmungsproblemer hunn.

D'Konzeptioun vum Centre ass esou, dass déi sozial Integratioun garantéiert gëtt an dass déi Pavillonen esou aménagéiert sinn, dass d'Vie communautaire optimal gëtt. Et ass dru geduecht ginn, wat och e flott Element ass, dass och eng aktiv Participatioun vun dem Sozialliewe vun der Gemeng Fréiseng ka stattfannen. Doduerch sinn d'Raimlechkeeten, de Wantergaart an och déi polyvalent Säll esou konzipéiert ginn, datt och d'Populatioun kann dohinner kommen. Am Regierungsprojet steet, dass et muss esou gemaach ginn, dass dee Centre interessant gëtt fir d'Bevölkerung dohinner ze kommen, fir eng Integratioun ze garantéieren. Dat ass e wichtegt Element. Grad esou wichteg ass awer och dass d'Qualitéit vum Logement esou ass, dass éischtens d'Autonomie vun deem Eenzelne stabiliséiert gëtt, an dass all Raimlechkeeten accessibel sinn, an dass d'Begéinung tëschent deenen eenzele Leit, déi do wunnen, tëschent hire Familljen an hire Frënn, optimiséiert gëtt.

Sécherlech muss och dru geduecht ginn, an dat ass och gemaach ginn, dass individuell Kummeren do sinn, Zëmmere fir d'Leit, fir dass se eng Privatsphär behalen an dësem grousse Komplex. Weider Detailer kann een am Regierungstext noliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Konventioun ass den 11. Abrëll 2000 signéiert ginn, nodeems de Regierungsrot den 31. Mäerz datselwecht Joer eng Autorisatioun ginn hat fir 80% Participatioun, an d'ASFT-Gesetz ass hei materugezu ginn, well e Besoin do ass am regionalen an am nationale Kontext. Den Avenant ass de 25. Juni 2001 ënnerschriwwe ginn, an do ass et esou dass de Stat 100%eg participéiert, an e mécht och nach eng weider 80%eg Participatioun am Kader vum Compactage vum Terrain.

Am Projet vun der Regierung stongen 10.568.188 Euro, beim Bauindex vu 552,23. Dëse Bauindex ass eng Joresmoyenne vum Joer 2001. Dat war am Regierungstext. D'Kommissioun ass och dës Kéier, wéi elo schonn e puermol, der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire hiren Iddië gefollegt, déi och den Accord huet vun der Cour des Comptes, an och vum Budgetsminister, fir keng Referenz méi ze maachen op e Moyenindex, mä éischter de leschte Wäert ze huele vum semestrielle Bauindex. Dat erlaabt effektiv eng Harmoniséierung an dësem Secteur. Doduerch gëtt et eng besser Kontroll an e bessere Suivi vun deene grousse Projete wat den Invest ugeet.

Dofir stinn dann an dësem Projet 10.900.794,17 mat enger Valeur vum Index vu 569,61. Dat ass déi vum Oktober d'lescht Joer, an net déi vum Abrëll, well de Projet eben haut eréischt fäerdeg ginn ass am Abrëll dëst Joer.

D'Regierung hat och, wat normal ass, sech engagéiert d'Débiteurszënsen am Prefinanzement à charge ze huelen. Do huet de Statsrot gemengt, an Zukunft sollt gekuckt ginn, dass e räsonnabelen Délai kënnt tëschent deem Datum wou d'Konventioun ënnerschriwwe gëtt vum Stat a vum Maître d'ouvrage, an ier et dann hei an d'Chamber kënnt, fir dann d'Approbatioun ze kréien. An dësem Fall waren dat jo gutt 22 Méint. Dat ass e ganz gudden Zäitraum. Dat soll och an Zukunft esou sinn. Dat ass och d'Meenung vun der Kommissioun, déi d'Recommandatioune vum Statsrot unhëlt, esou dass zu deenen dräi Artikele vum Projet folgendes ze soen ass, par rapport zu deem wat de Statsrot festgehalen huet.

Wat den Intitulé ubelaangt hu mer eis un de Statsrot gehalen.

Am Artikel 1 hu mer eis och un de Statsrot gehalen, wat d'Definitioun vum Invest ugeet, an d'Modalitéite wéi de Stat finanziell intervenéiert.

Am Artikel 2 hu mer eis, wéi ech lech gesot hunn, un d'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire gehalen. Dofir also de semestrielle Bauindex. Do steet awer och dran, dass de Prefinanzement garantéiert ass.

Am Artikel 3 ass nach dobäi komm, dass de Statsrot gemengt huet, wat och richteg ass, et soll een e Fonds budgétaire nominatif opféiere wou d'Suen hierkommen. Dat ass an dësem Fall de Fonds spécial pour le financement des infrastructures socio-familiales.

Et ass also evident, dëse Projet huet den Accord unanime fonnt an der Kommissioun, an ech sinn iwerzeegt, e fënnt en och an der Chamber.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och den Accord vu menger Partei bréngen zu dësem Projet, an ech géif lech merci soe fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll direkt Fuerf bekennen domat, dass ech ukënnegen, dass eis Fraktioun deen heite Projet selbstverständlech wäert stëmmen, well et e gudde Projet ass, deen noutwendeg ass, an deen en originelle Projet ass, doduerch dass et deen éischte Projet fir de Bau vun engem Heem fir kierperbehënnert eeler Leit soll sinn. D'Prioritéit läit bei de Leit déi eng kierperlech Behënnerung hunn, mä wéi de Rapporteur, deem ech merci soe fir säin excellente Rapport, ënnerstrach huet, huet de Projet eng Rei vun anere Vokatiounen, ënner anerem am Beräich Dezentraliséierung vum Centre neuropsychiatrique, wou zwee Pavillone reservéiert sinn am Beräich vun deenen eelere Leit déi Problemer hu mat der Ootmung.

De Bauhär ass d'Fondatioun Kräizbierg, déi mat dësem Projet séchert, dass hire Konzept, en integrative Projet ass, deen eng Prise en charge continuée garantéiert. Si hunn eng global Approche an der Prise en charge vun deene behënnerte Leit, an dat ass och ganz gutt esou.

De Projet entsteet aus enger Noutwendegkeet um Terrain. Déi verschidde Strukture vun der Fondatioun si mat der Problematik konfrontéiert, dass wa Strukturen eng Vocatioun hunn, wéi zum Beispill d'Foyere fir jonk Leit am Brill, an déi Populatioun wiisst aus deem jugendlechen Alter eraus, da muss ee sécher stellen, dass déi Populatioun och adaptéiert an Empfang geholl gëtt. Deen heite Projet wäert also fir déi eeler Leit déi adaptéiert Strukture schafen a bestoend Foyeren a Strukturen entlaaschten.

De Projet gëtt, wéi gesot, zu 80 respektiv 100%, jee nodeem wat fir eng Strukturen et sinn, vum Stat mat finanzéiert. 80% bei deene Strukturen, déi sech ëm déi handicapéiert eeler Leit bekëmmeren, an 100% bei deem Beräich Dezentraliséierung vum CHNP. D'Bauweis ass eng pavillonnaire, wat eng gewëssen Intimitéit garantéiert. Et ass gesot gi 56 Leit kënne maximal opgeholl ginn.

Wat elo de Projet an d'Realitéit um Terrain uginn, esou sinn dat zwou Saachen. Mir stëmmen haut de Projet an d'Gebailechkeeten si scho ganz schéin aus dem Buedem geschoss, esou dass et ganz gutt ass dass de Statsrot preziséiert huet, dass déi Zënsen, déi ufalen, net eréischt ufale wann…

***(Interruption)***

Neen, dass déi Zënsen net eréischt ufale wann de Projet gestëmmt ass, mä vun deem Zäitpunkt u wou…

***(Interruption)***

Voilà, très bien, mä et ass jiddefalls sécher gestallt, dass d'Zënse mat iwwerholl gi vun deem Zäitpunkt u wou de Stat an d'Fondatioun sech eens gi sinn iwwert de Bau vun dëser Infrastruktur.

Wann also alles riicht leeft, da wäert dëse Projet kënnen Enn des Joers an enger éischter Etapp e Pavillon opmaachen an dann am Rhythmus vu sechs Méint déi aner Pavillonen a Betrib huelen. Et ass eng Infrastruktur, déi selbstverständlech eng Betreiung 24 Stonnen op 24 garantéiert, wat dann och zu enger Rei vun Ulafsproblemer féiere wäert. D'Madame Minister weess, wann eng nei Struktur hir Aarbecht ophëlt, dass déi Struktur hir Aarbecht nëmmen dann zefriddestellend exécutéiere kann, wa se dat noutwendegt Personal zur Verfügung huet.

Pro Pavillon, jiddefalls bei deem éischten, ginn néng Leit Personal gebraucht fir de Betrib sécheren ze kënnen. Duerfir mäin Appel un d'Madame Familljeminister, dass mer bei der Abetribnam vun där doter Institutioun net drun hänke bleiwen, dass d'Personaldotatioun net schnell genuch nokënnt. Et ass e relativ héije personnellen Opwand, mä mir sinn eis jo alleguerten eens hei op der Tribün, dass et eng eminent Noutwendegkeet ass, an da soll och de Betrib kënnen esou lafe wéi d'Infrastrukturen et erlaben, an net doduerch retardéiert ginn dass d'Strukture fäerdeg sinn an d'Personal net an deem Mooss géif nokomme wéi mer et brauchen.

Wéi gesot, et ass eng excellent Initiativ, wou een d'Fondatioun Kräizbierg kann a muss dofir félicitéieren. Dat wat een allerdéngs muss ervirsträichen, dat ass dass de Käschtepunkt vun deem Ganzen nach relativ raisonnabel bleift an dass een och soll oppassen, dass engem herno bei där Liewensqualitéit, déi noutwendeg ass bei Leit, déi awer 24 Stonnen op 24 an deenen doten Infrastrukture sinn, net op eemol d'Finanzen ausginn. Do soll een en A drop behalen. Ech kann elo net soen, ob et bis op dee leschten Dibbelchen duer geet, mä da kann ee gegebenenfalls iwwert de premier équipement nach en zousätzlechen Effort maachen.

Dat gesot, wäert d'LSAP all Kéiers dann d'Regierung ënnerstëtzen, wa se am Beräich vun der Prise en charge vun den eelere Leit weider Efforte mécht. E ganze Koup vun deene Projeten, déi elo sprochräif gi sinn, sinn der, déi d'Handschréft nach vun der viregter Regierung gedroen hunn. Wann ech mech gutt erënneren, da sinn déi éischt Schrëtt an déi heite Richtung och nach an der leschter Period gemaach ginn an ech kann dës Regierung nëmmen encouragéieren, op dësem Gebitt grad esou vill Initiativen ze huele wéi déi Regierung virdrun der geholl huet.

Merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Maggy Nagel agedroen. D'Madame Nagel huet d'Wuert.

Mme Maggy Nagel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen heite Projet, grad ewéi deen iwwert dee mer virdrun ofgestëmmt hunn, reit sech éischtens an d'Politik vun der Ënnerstëtzung vun onsen eelere Matbierger an an zweetens beweegt dëse Projet sech am Kontext vun der Behënnertepolitik. Eise behënnerte Matbierger musse mir d'Recht op Betreiungsinfrastrukture kënne garantéieren, déi hirem Handicap esou gutt wéi méiglech ugepasst sinn.

De Centre intégré pour personnes handicapées âgées zu Fréiseng ass e wichtege Pilotprojet, well en den éischten ass, dee spezifesch op d'Besoine vu Matbierger ageet, déi bis elo an Altersheemer gelieft hunn, am Spidol, a Betreiungsinfrastrukture fir Behënnerter oder doheem an hire Familljen, ouni dass eng Méiglechkeet fir si bestanen huet d'Betreiung an där Form an an där Ausdauer ze kréie wéi si se néideg hunn.

Den CIPA zu Fréiseng versteet sech éischtens als en Altersheim fir Behënnerter iwwer 40 Joer. Si hunn oft keng Famillje méi oder awer Familljen a fortgeschrëttenem Alter, sinn et dach meeschtens hir Eltere mat deene si bis elo zesummegelieft hunn. Dëse Projet gëtt dem Behënnerten éischtens d'Méiglechkeet fir sech un d'autonoomt Liewen unzepassen, an engem Kader wou hien ënnert Leit ass, déi ähnlech Problemer hu wéi hien. De Projet ass awer och do fir déi eeler Elteren ze entlaaschten. Ech mengen et läit op der Hand, datt souwuel de Behënnerte wéi och seng Famill duerch den CIPA vu Fréiseng kënnen hir Liewensqualitéit erhéijen.

Zweetens riicht sech den CIPA u Behënnerter mat Insuffisance respiratoire, fir déi et bis elo nach keng spezialiséiert Betreiungsstruktur ausserhalb vum Spidolswiese gouf. Fir dës behënnert Matbierger ass et sécherlech vu groussem Notzen, wa si an eng Liewensgemeinschaft kënnen opgeholl ginn, wou hir Onofhängegkeet garantéiert ka ginn, si awer gläichzäiteg déi Hëllef kënne kréien, déi se benéidegen.

Enfin gëtt duerch dëse Projet eng Betreiungsinfrastruktur geschafen, wou deene spezifesche Besoine vun deene Leit Rechnung gedroe ka ginn, déi eng double pathologie, dat heescht souwuel e psychesche wéi och e physeschen Handicap hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den CIPA vu Fréiseng ass eng spezialiséiert Betreiungsinfrastruktur fir behënnert Matbierger mat zum Deel gravë Problemer. Et ass kee Synonyme fir eng geschlossen Anstalt. Au contraire. De Baumeeschter, d'Fondation Kräizbierg, där ech och op dëser Plaz wëll merci soe fir hiert onermiddlecht Engagement bei deene behënnerte Leit, mä awer och bei hire Familljen, definéiert d'sozial Integratioun vun de Behënnerten als eng vun de Finalitéite vum CIPA nieft der medezinescher a paramedezinescher Betreiung an der Qualitéit vum Logement natierlech.

Déi grousszügeg ausgeluechten a gutt équipéiert Pavillonen de plein pied erlaben et de Pensionären déi néideg Autonomie léieren ze kënnen, fir mat deem alldeeglechen Uleies kënnen ëmzegoen oder domadder weiderzefueren. D'Privatsphär gëtt respektéiert, mä zugläich ass de Fréisenger CIPA op d'Zesummeliewen ausgeluecht, dat net nëmmen tëschent de Behënnerten, mä och mat deene Leit vun dobaussen, déi déi Behënnert wëlle besiche kommen. Hei gëtt et beispillsweis eng Salle polyvalente, wou regelméisseg gemeinsam Aktivitéite stattfanne kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann den CIPA vu Fréiseng als en Attraktivitéitspol net nëmme fir d'Gemeng Fréiseng, mä och fir d'Regioun fonctionnéiere soll, da muss net nëmmen d'Infrastruktur selwer, mä och dat wat ronderëm ass deem ugepasst ginn. Virun allem mussen d'Visiteuren ouni Risiko kënnen an den CIPA kommen.

Ech wollt an dësem Kontext drop hiweisen, datt et urgent ass fir d'Verkéierssituatioun an der Gemeng Fréiseng an de Gréff ze kréien an endlech déi Haaptkräizung tëschent der Mondorfer an der Lëtzebuerger Strooss duerch entweder e Rond-point oder e Passage souterrain ze entschäerfen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Abee jo.

Mme Maggy Nagel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann am Januar d'nächst Joer d'Diere vum CIPA zu Fréiseng opginn, hu mir e Schrëtt weider gemaach a Richtung adequat Betreiung fir eis eeler a behënnert Matbierger. Ech sinn iwwerzeegt, datt duerch de Projet net nëmmen d'Liewensqualitéit vun de Behënnerten erop geet, mä och déi vun hire Familljen. Am CIPA zu Fréiseng ginn zousätzlech Pfleegebetter geschafen an domat bewege mer ons hei an der Kontinuitéit vun der Regierungserklärung vun 1999.

Dat hei gi spezialiséiert Fleegebetter fir Leit a spezifesche Situatiounen. Dat bedeit och, datt anerwäerts Better fräi gi fir Leit mat

manner schwéieren Handicapen an Infrastrukturen, déi besser op déi Fäll virbereet gi wéi déi, déi de CIPA zu Fréiseng wëllt ophuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss nach dem Rapporteur merci fir seng Rapporten. D'Demokratesch Partei begréisst selbstverständlech dëse Projet de loi duerch dee mer eis d'Méiglechkeet ginn, wéi scho bei deem Projet, dee mer elo just virdru gestëmmt hunn, dass e moderne Spidolsplang, dee vum Santésministère ausgeschafft ginn ass, ka fonctionnéieren.

Ech bréngen d'Zoustëmmung vun eiser Partei a soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn natierlech frou, datt mer haut dëse Projet vun dem Centre intégré pour personnes handicapées âgées zu Fréiseng stëmmen, well dat wierklech e flotte Projet ass, deen eng Opwäertung net nëmme fir d'Infrastrukturen insgesamt am Land fir eis handicapéiert Matmënschen duerstellt, mä selbstverständlech och fir eis Uertschaft, eis Gemeng oder esouguer d'ganz Regioun.

Ech wëll dem Kolleeg Jean-Marie Halsdorf merci soe fir säin explizite Rapport an och de Virriedner, déi am Fong dee Projet vun alle Säite beliicht hunn an en och alleguer an engem richtegen a positive Liicht duergestallt hunn, esou dass ech am Fong geholl net méi brauch op de Fonctionnement, op d'Iddi vun deem Centre intégré fir eeler handicapéiert Matmënschen anzegoen.

Et ass e Projet, deen am Fong ganz innovativ ass. Et ass fir d'éischt, dass mer hei am Land e Projet an déi dote Richtung bauen. Wann een de Site gesäit wou gebaut gëtt a gesäit wéi wäit de Projet am Ableck fortgeschratt ass, ass et sécherlech e Projet dee voll Satisfactioun deene Responsabelen a virun allem de Pensionäre vun deem Haus dierft ginn.

Et war viru fënnef, sechs Joer wéi de President vun der Fondatioun, den Här Benny Berg, eng Kéier op d'Gemeng Fréiseng komm ass mat engem Projet, fir op engem aneren Terrain zu Fréiseng en ähnlecht Gebai awer mat enger anerer Vocatioun ze realiséieren. Do hu mir awer misse feststellen, datt deen Terrain sech net géif eegne fir dee Projet, deen deemools virgesi war.

D'Fro war dunn, ob mer keen aneren Terrain an der Gemeng hätten. A well een nu mol als Buergermeeschter d'Terrainen e bëssen doruechter kennt an et wousst een, datt e gréisseren Terrain nach am Perimeter wär, mä wou et awer schwéier wär fir eppes drop ze realiséieren, hu mer dunn der Fondatioun Kräizbierg proposéiert, fir deen Terrain ze huelen.

Et ass en Terrain, deen am Volleksmond de Schumannsbongert genannt gëtt. Et ass en Terrain, deen der stater Gemeng gehéiert an et war d'Fondatioun Boch-Buschmann, déi deen Terrain sengerzäit der stater Gemeng - dat war nach déi al Gemeng Eech - geschenkt hat mat dem Zil, datt aus dem Erléis vum Verkaf vun Uebst aus dem Bongert a mat der Pacht vum Bongert de manner bemëttelte Kanner aus der aler Gemeng Eech all Joers e Puer Schong an e Schiertech géif kaaft ginn. Et ass also e Bongert, dee vun Ufank un eng sozial Vocatioun hat, a vu datt et awer eng Fondatioun war, war et och fir d'Gemeng Lëtzebuerg ni esou einfach fir deen Terrain ze verkafen. Dofir huet de Kräizbierg dunn eis Propositioun ugeholl fir mat der Gemeng Lëtzebuerg Kontakt opzehuelen, wou se och séier eens gi sinn, datt d'Gemeng Lëtzebuerg e Bail emphytéotique mam Kräizbierg géing maachen, fir datt si deen Terrain kënnte benotzen.

Mir hunn als Gemeng eise PAG och deementspriechend ëmgeännert, fir datt dee Projet esou kënnt realiséiert ginn. Am Ufank war an eisem PAG virgesinn, datt nëmme Maisons unifamiliales kënnten do gebaut ginn. D'Gemeng huet dunn eng Extensioun gemaach an huet derfir gestëmmt, datt dëse Projet kënnt do opgeriicht ginn. Mir hunn och versicht kuerzfristeg déi néideg Infrastrukturen, wéi Kanalisatioun, Waasser, Elektresch an de Gas op de Site ze leeën, fir datt terminméisseg kënnt mam Bau ugefaange ginn.

Wann elo d'Saarstrooss opgeet, an et ass jo geplangt, datt déi virun der Summervakanz opgeet, da gëtt selbstverständlech d'Verkéierssituatioun, déi am Ableck dramatesch bei eis an der Uertschaft ass, besser. Déi derduerch fuere wëssen datt se all owes mussen zwee, dräi Kilometer Stau iwwer sech ergoe loossen. D'Situatioun gëtt virun allem besser an der Hellengerstrooss, do wou dëse Projet läit.

Der Madame Nagel, déi hei eng ganz gutt Interventioun gemaach huet, géif ech awer ganz frëndschaftlech recommandéieren, éischter no de Verkéiersproblemer zu Mondorf ze kucke wéi zu Fréiseng. Well weder e Rond-point nach eng Unterführung sinn d'Léisung an engem Duerf. Bei enger Unterführung muss een och Op- an Offahrten hunn, an dann hätte mer herno en Autobunnkräiz an der Mëtt vum Duerf a mir hätte keen Duerf méi. An och d'Iddi mam Rond-point an engem Duerf, wou esou vill Verkéier ass, Madame Nagel, a wou eng Schoul derbäi ass, wou all Dag 200 Kanner mussen zu Fouss eriwwergoen, dat ass onméiglech. Dir wësst, datt op engem Rond-point keng rout Luuchte fir Foussgänger kënne gemaach ginn. Dat ass alles studéiert ginn. Et ass also net méiglech an engem Duerf, wou vill Foussgänger sinn a vill Verkéier ass, e Rond-point ze maachen. Dofir hoffe mer, datt duerch de Bau an duerch d'Opgoe vun der Saarstrooss d'Verkéiersituatioun zu Fréiseng verbessert gëtt.

***(Interruption)***

Dat ass richteg, Madame Nagel, mä loosse mer elo net vum Thema oflenken. Ech muss awer hei kloer stellen, well dat esou an de Raum gestallt ginn ass, datt dat keng Léisung ass.

Här President, zréck zum Projet. An dat Gebai komme 56 Pensionären, Pensionäre mat engem schwéieren Handicap, déi siwen Deeg op siwen a 24 Stonnen op 24 musse betreit ginn. Och si vill Raimlechkeete virgesinn, wat normal ass an dësem Fall, an et gëtt geschat datt do ëm déi 75 Leit u Personal däerfte schaffen, wann d'Gebai komplett funktiounsfäeg ass. D'Fondatioun Kräizbierg ass amgaang Leit ze rekrutéiere fir wann ausgaangs des Joers deen éischte Pavillon däerft opgoen.

Fir eis ass et wichteg gewiescht, an ech mengen och fir déi Responsabel vum Kräizbierg, datt dat doten e Site gëtt, dee mat de Leit a mat de Veräiner aus dem Duerf an aus der Gemeng zesumme fonctionnéiert. Mir hunn och versicht direkt vun Ufank un déi Zesummenaarbecht an d'Realitéit ëmzesetzen. Esouwuel bei der Straussfeier wéi beim Grondsteen waren d'Veräiner alleguer present. Wat wichteg ass, ass datt d'Veräiner sech och bereet erklären hunn, spéiderhin an deem Centre Aktivitéiten ze maachen, fir datt déi Leit sech wierklech als Matbierger an eiser Gemeng fillen.

Ech war speziell frou, wéi mer esou e Centre an eis Gemeng kritt hunn, well mer an enger gewësser Hisiicht e bëssen eng Ausnahmesituatioun als Gemeng hunn, an zwar an deenen 28 Joer, wou ech Gemengepolitik maachen, huet d'Gemeng nach ni Gelder vum Gemengebudget an de Budget vum Office social missen iwwerweisen. Den Office social vun der Gemeng Fréiseng, dee gëtt finanzéiert mat de Fräinuechte vun de Leit déi an der Gemeng Hochzäite feieren a Baler ofhalen, an de Büro vum Office social geet souguer nach eemol d'Joer domat iessen. An anere Wierder, den Office social huet keng Dépensë bei eis an der Gemeng. Dat ass awer drop zréckzeféieren, datt mer eng Populatioun hunn, déi sech verduebelt huet. Et si lauter nei Lotissementer, a Leit, déi a Lotissementer ginn an do Terrainë kafen an Haiser bauen, dat sinn normalerweis keng déi den Dag drop op d'Gemeng an de Büro vum Office social kommen.

Duerch d'Realisatioun vun dësem Centre intégré gëtt am Fong eis Gesellschaft zu Fréiseng méi komplett. Mir waren och wierklech frou, datt d'Leit an der Gemeng alleguer gesot hunn, si wiere frou datt esou e Centre intégré fir handicapéiert Matmënschen an eis Gemeng kéim a si stongen der Saach och alleguer positiv vis-à-vis. Mir sinn dovun iwwerzeegt, datt mer zesumme mat der Fondatioun Kräizbierg dat kënne realiséieren, wat als Zil sech gesat ginn ass, an et ass och dofir selbstverständlech, datt ech d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem wichtege Projet bréngen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo nach gefrot den Här Berichterstatter, deen eis eng wichteg Matdeelung ze maachen huet. Den Här Jean-Marie Halsdorf huet d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur.*- Här President, ech wollt a mengem mëndleche Rapport nach, Här Bartolomeo, ech wollt nach eppes Wichteges soen, an ech mengen, et wär flott wann Der géift nolauschteren, well et ass wierklech wichteg.

Am Artikel 2 vum Projet de loi, dee mir elo gläich stëmme wäerten, gëtt eng Referenz gemaach op den 1. Abrëll 2002. Et ass eng Erreur matérielle, well déi Valeur vum Indice 569,61, déi do steet, ass déi vum Oktober 2002. Dofir wollt ech de wäerte Kolleeginnen a Kolleege matdeelen, dass mer mussen an d'Gesetz am Artikel 2 schreiwen: „au premier octobre 2002". Dat sollt een nach a mengem mëndleche Rapport bäifügen, an ech mengen, da kënnte mer dëse Projet de loi och evakuéieren.

Merci, Här President.

M. le Président.- D'Wuert huet dann elo d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och bei deem heite Projet soen, datt mer prinzipiell kënne mat an déi Richtung goen. Allerdéngs wollt ech och hei e puer kritesch Téin umellen. Nodeems dass hei global duerch d'Bänke gekuckt éischter déi grouss Zoustëmmeg erfollegt ass, wëllt ech awer drop opmierksam maachen, dass mer hei an eng ganz bestëmmte Richtung, net nëmme vun der Alterspolitik, mä och vun der Behënnertepolitik ginn, an ech explizéiere mech.

Mir schafen hei en Altersheim fir handicapéiert Leit, an dat heescht dass mer am Fong eng spezial Struktur nëmme fir déi Leit mat deene spezifesche Bedürfnisser schafen. Mir hätten och kënnte vläicht op en anere Wee goen, zum Beispill drun denken, op een net kënnt méi dezentral virgoen an esou Strukturen a méi engem klenge Mooss an aner Altersheimer integréieren. Dat ass hei net geschitt, an ech wëllt trotzdeem d'Fro stellen, ob mer wierklech an déi richteg Richtung ginn. Ech wollt och an deem Sënn d'Madame Ministesch froen, ob eigentlech dee Conseil supérieur des personnes handicapées, dee mer jo zu Lëtzebuerg zënter enger Zäit hunn, säin Avis zu dësem Projet ofginn huet, a wa jo, wéi hie sech zu där Problematik stellt, well ech mer awer ganz staark d'Fro stellen, ob een hei reell kann, esou wéi et am Text vum Projet steet, vun Intégratioun sociale schwätzen.

Et ass sécher dass Wäert drop geluecht gëtt, dass deen Zentrum hei op ass an dass Aktivitéiten och vu Leit, déi an der Gemeng wunnen, wäerten op där Plaz stattfannen, esou wéi den Här Gibéryen dat och elo virdrun nach eng Kéier widderholl huet, mä trotzdeem bleift awer, dass dat hei eng Sonderstruktur ass, an ech wëllt do en Zitat bréngen vum saarländesche Statssekretär Joseph Hecken, dee bei enger iwwregens ganz interessanter Konferenz, déi am Mäerz stattfonnt huet, ënnert dem Titel „Chancengleichheit statt Wohltätigkeit", folgendes gesot huet: „Sonderlösungen für behinderte Mënschen, seien sie auch noch so hilfreich, sind nicht mehr der Königsweg." An ech mengen dass mer eis zu Lëtzebuerg déi Fro och solle stellen.

Et ass elo gesot ginn, dat ass deen éischte Projet, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn, deen an esou eng Richtung geet. Vläicht sollte mer dee Projet kritesch begleeden an och eng Evaluatioun maachen, ob dat déi gutt Richtung ass, déi mer do aschloen, zumools wann een am Exposé des motifs vum Projet liest, dass d'Fondatioun Kräizbierg jo awer eng ganz Rei aner Projete mécht, déi éischter a Richtung vu méi klenge Strukturen oder vun Integratioun vu Strukturen a Quartieren och ginn.

Et ass nëmmen een Aspekt vun enger Behënnertepolitik, iwwert déi mer jo dëst Joer, och am Joer vun de Behënnerten, wëllen diskutéieren. An ech wëllt drop opmierksam maachen, dass mäi Kolleeg Camille Gira och hei eng Interpellatioun ugefrot huet, fir méi global iwwert d'Thematik vun der Behënnertepolitik zu Lëtzebuerg heibannen an dëse Maueren ze diskutéieren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Familljeminister Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „der Erfolg hat viele Väter, der Misserfolg hat meistens nur einen Vater oder eine Mutter". Haut de Mëtteg hu mir keen hei héieren, deen net e Verdéngscht an deem Projet huet. Dat ass jo schéin, dann ass et jo eppes wat generell gutt ukomm ass. Déi eenzeg e bësse méi kritesch Froen, déi d'Madame Wagener gestallt huet, ass fir ze soen, ob et dee richtege Wee ass, fir eeler, behënnert Mënschen an esou engem Haus beieneen ze setzen. Dat ass effektiv eng Fro, déi ee sech ka stellen. Ech weess och, datt eng Partie vun deene Leit, déi sollen an dat Haus do kommen, net schrecklech frou doriwwer sinn, well se net gären do erausgi wou se elo sinn.

Dat ass wahrscheinlech och zu engem Deel well, esou wéi all eeler Leit, déi an eng Institutioun musse goen, et awer schwéier fält fir vun doheem fortzegoen op där enger Säit, an op där anerer Säit se do och nach zesumme si mat méi Jugendlechen, och si wou nach aner Aktivitéiten an deem Haus sinn, wou se sech da wahrscheinlech soen, mä dat ass fir eis awer méi flott wa ronderëm nach méi lass ass wéi dat an engem Centre intégré onbedéngt muss de Fall sinn. Dofir ass meng Hoffnung ëmsou méi grouss, dass d'Gemeng Fréiseng mat hiren aktive Veräiner sech dann och net nëmme fir d'Grondsteeleeungen a fir d'Straussfeier an och nach fir d'Eröffung wäert afannen, mä och nach dacks duerno wäert do sinn, fir dann och wierklech dofir ze suergen, dass méi an deem Haus do lass ass.

Et ass fir de Rescht iwwert dee Projet alles gesot ginn, y compris nach d'Stroossebaupolitik an zwou Gemengen. Do, mengen ech, ass et net méi néideg, dass ech nach dorobber aginn.

Et ass an där Envergure dat éischt Haus, wat mir baue fir eeler, behënnert Leit, mä dat heescht awer net datt et op anere Plazen net ewell esou Haiser gëtt. Schwiereg ass et ëmmer wann ee méi kleng Unitéite mécht, datt een eng ganz Partie vu Basisviraussetzunge brauch, déi awer vill Sue kaschten, a wann een do dann nëmme fir 20 Leit dat mécht, da gëtt dat natierlech en enorme Präis, esougutt vun engem Deel vum Personal wéi och wat d'Grondinfrastrukturen, wat Kiche sinn oder wat och ëmmer déi Elementer duerstellen.

Mir kucke matzäiten, datt mer dat Personal kënne kréien a kënne bezuelen, wann dat Haus do opgeet, a wéi dat och ka funktionéieren. Dem Här Rapporteur, deen esougutt wéi och der Madame Nicklaus op de Bauindex zurecht opmierksam gemaach huet, wëll ech nach eng Kéier hei soen, datt mer ëmmer nëmmen dee kënnen asetzen, dee Moment wou mer an der Chamberskommissioun doriwwer schwätzen, mä awer dat maache mat dem Accord vum Conseil d'Etat, dee jo ëmmer erëm seet, Dir musst kucken datt Der dee rezentste Bauindex hutt, deen awer meeschtens dann eréischt Méint duerno disponibel ass.

Mir stelle fest, datt mer hei zu Lëtzebuerg, esou wéi an alle Länner, och ëmmer méi Leit kréien, déi e schwéieren Handicap hunn, an och do huet de Rapporteur, den Här Halsdorf, d'Fro gestallt, wéi wäit iwwerschneit dat eent sech mat deem aneren, an och mat deem medezineschen Aspekt, an do hunn ech mer soe gelooss, datt dat net am Plan hospitalier virgesinn ass, wat déi ganz Infrastrukturen, och mat där Sauerstoffanlag do ass, mä dass d'Fondatioun awer géing kucke fir déi Méiglechkeeten elo ze schafen, doduerch dass an de Gainen dat awer kann duerno nogezu ginn, ouni datt dat e grousse finanziellen Opwand ass an déi Apparate fir déi Leit souwisou iwwert d'Krankekeess zur Verfügung gestallt ginn.

Jusqu'à présent le fonctionnaire ne pouvait plus se présenter à l'examen de promotion après deux échecs. Les auteurs du projet de loi sous avis ont estimé qu'une telle mesure était lourde de conséquences, tant sur le plan humain que sur le plan professionnel et financier. C'est ainsi qu'il est proposé d'accorder une troisième chance supplémentaire au fonctionnaire pour réussir son examen de promotion après avoir suivi une formation spéciale.

**2.6. Les congés spéciaux**

L'article concernant les différents congés auxquels le fonctionnaire a droit est mis à jour dans le sens qu'il y est ajouté le congé dit congé «sapeurs», le congé culturel et le congé relatif à la coopération au développement.

**2.7. Le maintien en service jusqu'à l'âge de 68 ans**

Le présent projet de loi introduit la disposition permettant au fonctionnaire ayant atteint la limite d'âge d'être maintenu en service (ou d'être réintégré, une fois mis à la retraite) jusqu'à l'âge de 68 ans (respectivement 63 ans pour les membres de la force publique). Cette disposition permettra de profiter, le cas échéant, de l'expérience et de la compétence acquise de fonctionnaires qui sont prêts de rester en service au-delà de 65 ans. En outre, elle permet également à ces fonctionnaires d'effectuer une transition plus souple de l'activité professionnelle à la retraite.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, le 19.12.2001

Rapporteur: M. Gusty Graas

Travaux de la

- Commission de l'Egalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine (Présidente: Mme Ferny Nicklaus-Faber):

| | |
|---|---|
| 29.01.2002 | Entrevue avec M. Jos Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative, sur les dispositions contenues dans le nouveau statut général des fonctionnaires concernant plus particulièrement le volet «Egalité des chances entre femmens et hommes» |

- Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative (Président: M. Gusty Graas):

| | |
|---|---|
| 28.01.2002 | Désignation du rapporteur |
| | Examen du projet de loi |
| 18.02.2002 | Examen du projet de loi |
| 25.02.2002 | Examen des dispositions générales du projet de loi |
| 11.03.2002 | idem |

| | |
|---|---|
| 15.04.2002 | Examen des dispositions concernant la procédure disciplinaire et le Conseil de discipline |
| 29.04.2002 | Examen des dispositions concernant les traitements et les pensions |
| 30.05.2002 | Continuation de l'examen du projet de loi |
| 26.11.2002 | Présentation des amendements gouvernementaux |
| 04.02.2003 | Examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| 25.02.2003 | Examen d'un nouveau texte coordonné élaboré suite à l'avis du Conseil d'Etat |
| 04.03.2003 | idem |
| 10.03.2003 | idem |
| 27.03.2003 | Examen du questionnaire élaboré par le POSL |
| 17.04.2003 | Analyse de l'avis complémentaire du Conseil d'Etat |
| 24.04.2003 | Examen et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 30.04.2003

## 4976 - Projet de loi portant approbation

**- de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Hongrie sur la coopération dans le domaine du tourisme, signée à Budapest, le 3 novembre 1995**

**- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de Malte sur la coopération dans le domaine du tourisme, signé à la Valette, le 16 octobre 1992**

Le présent projet de loi a pour objet l'approbation de la Convention du 3 novembre 1995 entre les Gouvernements luxembourgeois et hongrois sur la coopération dans le domaine du tourisme ainsi que l'approbation de l'Accord du 16 octobre 1992 entre les Gouvernements luxembourgeois et maltais dans ce même domaine.

Les Parties contractantes s'engagent à prendre les mesures nécessaires pour promouvoir le développement du tourisme et pour faciliter la diffusion de documents d'information touristique dans les pays concernés ainsi qu'à mettre en place une coopération plus poussée entre les professionnels du tourisme dans les pays concernés.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 01.07.2002

Rapporteur: M. Emile Calmes

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense (Président: M. Paul Helminger):

| | |
|---|---|
| 28.04.2003 | Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'Etat<br>Présentation et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 08.05.2003

## 5057 - Projet de loi

**portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et l'ancienne République yougoslave de Macédoine, d'autre part, et l'Acte final y afférent et de l'échange de lettres remplaçant la signature de l'Accord, signé à Luxembourg, le 9 avril 2001**

Le présent projet de loi a pour objet l'approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et l'Ancienne République Yougoslave de Macédoine (ARYM) d'autre part, ainsi que de l'Acte final y afférent et de l'échange de lettres remplaçant la signature de l'Accord.

L'Accord s'inscrit dans le processus de stabilisation et d'association initié par l'Union européenne dans le but de consolider la région des Balkans occidentaux. Les grandes lignes de la stratégie ont été esquissées par le Conseil Affaires générales en 1997. La stratégie a pris une nouvelle dimension en juin 1999 avec la décision du Conseil, suite à une communication de la Commission européenne, de proposer à cinq pays (Bosnie-Herzégovine, Croatie, République fédérale de Yougoslavie, Ancienne République Yougoslave de Macédoine et Albanie) des relations contractuelles spécialement conçues pour eux, à savoir les accords de stabilisation et d'association (ASA). L'ASA conclu avec l'ARYM constitue le premier de ces accords.

Les principaux éléments en sont les suivants :

- Une approche régionale est préconisée, car il ne s'agit pas de développer uniquement les relations bilatérales entre l'Union européenne, ses Etats membres et l'ARYM, mais de mettre également en place une coopération de bon voisinage avec les autres pays de la région (circulation des personnes, des marchandises, des capitaux et des services ; élaboration de projets d'intérêt commun).

- Le dialogue politique entre les parties est renforcé.

- Une zone de libre-échange est établie entre les pays liés à l'Union européenne par un ASA.

- Une zone de libre-échange (période transitoire maximale de 10 ans) est progressivement constituée.

- Des règles concernant la circulation des travailleurs, le droit d'établissement, la prestation de services et la circulation des capitaux sont établies.

- Des dispositions concernant la coordination des régimes de sécurité sociale des travailleurs possédant la nationalité de l'ARYM, légalement employés sur le territoire d'un Etat membre, et des membres de leur famille y résidant légalement sont également retenues dans l'Accord.

- L'ASA prévoit aussi le rapprochement des dispositions législatives. A noter qu'au niveau de l'acquis communautaire, il n'est pas demandé à l'ARYM de reprendre la législation communautaire, mais de s'en rapprocher progressivement.

- Une coopération dans les domaines de la justice et des affaires intérieures est aussi prévue. L'ARYM accepte de réadmettre tous ses ressortissants illégalement présents sur le territoire d'un Etat membre, à la demande de ce dernier et sans autre formalité, dès lors que la clandestinité est clairement établie.

- L'Accord prévoit une coopération financière (aides financières de l'Union).

- L'ASA met en place un conseil de stabilisation et d'association qui examine régulièrement l'application de l'Accord et la mise en œuvre par l'ARYM des réformes aux niveaux

[1] Déclaration gouvernementale du 12 août 1999.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 22.11.2002

Rapporteur: M. Emile Calmes

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense (Président: M. Paul Helminger):

| | |
|---|---|
| 24.02.2003 | Désignation du rapporteur |
| 28.04.2003 | Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'Etat<br>Présentation et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 08.05.2003


# Chamber TV

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

**um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)**

*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

**um Réseau vun der Coditel**

*um Kanal S 29*

*och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*

Internet: www.chd.lu

## Ordre du jour

1. Communication
2. 4891 - Projet de loi modifiant
   1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'Etat;
   2) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat;
   3) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'Etat;
   4) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat;
   5) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;
   6) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'Etat peut se faire changer d'administration et portant création d'un commissariat du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire

   *(Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
3. Demandes en naturalisation
4. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Henri Grethen, Ministre; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

### 1. Communication

Ech wollt der Chamber Folgendes matdeelen.

A la demande de M. Henri Grethen, Ministre des Transports, M. François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 29 avril 2003, le

*- Projet de règlement grand-ducal 5123 sur les transports par rail de marchandises dangereuses.*

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4891 iwwert de Statsbeamtestatut. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Meyers, Di Bartolomeo, Rippinger, Gibéryen, Huss, Urbany, déi Dammen Nicklaus, Nagel, déi Hären Henckes a Belling.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Gusty Graas.

### 2. 4891 - Projet de loi modifiant

1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'Etat;

2) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat;

3) la loi mofifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'Etat;

4) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat;

5) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;

6) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'Etat peut se faire changer d'administration et portant création d'un commissariat du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire

***Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative***

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „le Gouvernement entend réaffirmer les principes classiques du statut, qui sont l'indépendance, la neutralité et la nomination à vie des fonctionnaires. S'y ajouteront d'autres principes nouveaux, notamment dans une optique de réforme administrative". Esou steet et an der Regierungserklärung vum 12. August 1999. Haut, bal véier Joer méi spéit, gëtt dës Aarbecht ofgeschloss. Et war e laange Wee, deen net einfach war, a wou esouwuel am Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative wéi och an eiser Kommissioun vill Asaz erfuerdert war.

D'Kommissioun ass net manner wéi 14-mol zesumme komm, ier de leschte 24. Abrëll de Rapport mat enger grousser Majoritéit ugeholl konnt ginn. An der Tëschenzäit waren eng Rei Leit ongedëlleg ginn, mä dat hat awer och seng Ursaachen. Fir d'éischt däerf een net verkennen, datt mer et hei mat engem extrem komplexe Gesetz ze dinn hunn, wat als e Pilier vum Fonctionnement vun eisem Statsapparat kann ugesi ginn. Dann ass et normal, datt ee sech Zäit huele muss fir déi néideg legislativ Upassunge virzehuelen, well jo net manner wéi sechs Gesetzer hei ëmgeännert ginn. Zweetens hu mer 11 Méint op den Avis vum Statsrot gewaart. Dat soll keng Kritik un der Héijer Kierperschaft sinn, ganz au contraire, mä et beweist awer och wéi genee de Statsrot dës Aarbecht geholl huet.

***(Interruptions diverses)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, et huet kee Wäert datt mir esou hei virufueren, besonnesch haut.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Oh hei, de Maulkuerf ass erëm do!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Jo, et ass an der Rei!

M. le Président.- Ech géif d'ganz Chamber rappeléieren, well ech mengen, d'Gesetz ass wichteg genuch datt jiddereen seng voll Opmierksamkeet op de Riedner orientéiert, an déi eppes ze soen hunn, ech gesinn, et sinn der jo vill agedroen, déi hunn d'Geleeënheet herno dat ze maachen.

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Ech wäert selbstverständlech och nach op den Avis vum Statsrot zréckkommen, an och op dee vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi jo och zum Deel Kritik geübt huet.

***(Interruption)***

Här Bartolomeo, ech mengen Dir hutt net héiere wat de President elo gesot huet. Ech géing Iech also bieden e bësselchen Anstand hei ze weisen.

Do wou also d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics Recht hat mat hirer Kritik, do hu mir deem och Rechnung gedroen. Mä och eis Kommissioun huet ouni Zweifel näischt dem Zoufall iwwerlooss a minutiéis de Projet, dee jo den 19. Dezember 2001 déposéiert gi war, analyséiert.

Wann och net an alle Punkte konnt e Konsens erreecht ginn, esou soen ech als President vun der Kommissioun trotzdeem alle Kolleeginnen a Kolleege merci fir hir konstruktiv Mataarbecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun allem déi gesellschaftlech Entwécklung an d'Suerg an eisem Land, en effikasse Stat mat motivéierte Beamten ze garantéieren, sinn d'Haaptursaache fir eng Upassung vum Statsbeamtestatut, dee jo aus dem Joer 1979 ass. D'Bierger erwaarden zu Recht, datt d'Fonctionnairen dem allgemengen Interesse déngen andeems se alldeeglech déi öffentlech Ressourcen op eng ugepasste Manéier géréieren.

D'Situatioun vun de Statsbeamten ass hei zu Lëtzebuerg eng éischte Kéier duerch d'Gesetz vum 18. Mee 1872 mat 45 Artikele régléiert ginn. Dëst Gesetz ass e puermol ugepasst ginn, an zwar 1932, 1954, 1964, 1968, 1970 an 1977. Mëtt de 70er Joren ass du schonn un enger neier Reform geschafft ginn, wou fir d'éischt den Term Statut gebraucht ginn ass. 1979 koum et dunn zu deem Gesetz, wat u sech jo haut nach a Kraaft ass.

Wat sinn dann elo d'Schwéierpunkten an deem neie Statut? E wesentlecht Element ass ouni Zweifel d'Aféierung vun der Deelzäitaarbecht. Dës Regierung ass sech de neie gesellschaftleche Contraintë bewosst, an dofir gëtt et also elo méiglech entweder 25, 50 oder 75% vun enger ganzer Tâche ze schaffen. Mir briechen deementspriechend mam Prinzip vun der klassescher a ganzer Tâche am öffentlechen Déngscht. Dës Moossname ware schonn am Accord salarial vum 29. Mee 2000 zréckbehale ginn, mä et huet sech awer erausgestallt, datt et besser wär dës Dispositiounen an enger Rei vu Gesetzer festzehalen. Dës Neierung bréngt virun allem fir Frae Virdeeler mat sech, well et hinnen erlaabt déi familiär an déi berufflech Verflichtunge besser ze vereenegen. Allerdéngs muss natierlech d'Organisatioun vum Service dat awer och erméiglechen.

Leit a féierende Positioune kommen net an de Genoss vun der Deelzäitaarbecht, wat och verständlech ass. An deem Kontext muss een och nach ervirhiewen, datt, wann een e Congé sans traitement, e Congé pour travail à mi-temps oder eng Deelzäitbeschäftegung huet fir d'Erzéiung vun de Kanner bis zum 15. Liewensjoer, een elo dës Period als integral Zäit bei den Avancementer, den Index-majoratiounen, den zwee duebelen Echelonen am Enseignement, an de Promotiounen ugerechent kritt. A weider ass am Kader vun enger méi familljefrëndlecher Politik virgesinn, datt zwee Partnerfonctionnairë gläichzäiteg eng Hallefdagsaarbecht ausübe kënnen.

Nom Congé parental kann een och e Congé pour travail à mi-temps huelen. De Congé parental muss awer an deem Fall direkt nom Congé de maternité oder dem Congé d'accueil geholl ginn. Dann däerf een zousätzlech tëschent dem Congé de maternité oder dem Congé d'accueil an dem Congé sans traitement oder dem Congé pour travail à mi-temps nach säin normale Congé huelen.

D'Réintegratioun an den Aarbechtsprozess vun deene Beamten, déi vun dëse Moossname Gebrauch gemaach haten, gëtt och elo méi einfach gemaach. Fréier hu se misse waarde bis dass erëm eng Plaz an hirer Verwaltung fräi gouf. Duerch dëst Gesetz kréie se allerdéngs elo d'Garantie, datt spéitstens ee Joer nom Oflaf vun hirem respektive Congé eng Plaz fir si fräi gëtt, gegebenefalls gi se dann hors cadre gesat. Och kann, wéi gesot, en Dépassement vun den Effektiver virgeholl ginn.

Elo kann och, wann eng Persoun e Congé fir Hallefdagsaarbecht beantragt huet, dee Poste mat enger Hallefdagsplaz duerch en Employé op begrenzten oder onbegrenzten Zäit ersat ginn. An deem ganze Pak fir déi berufflech an déi familiär Obligatioune besser matenee verbannen ze kënnen, muss een natierlech och den Télétravail ernimmen, deen elo och eng gesetzlech Basis kritt. Dësen Domän war jo bis elo quasi en Tabuthema am öffentlechen Déngscht. D'Evolutioun ass esou, datt an enger éischter Phas de Projet-pilote mam Educationsministère, dem Aarbechtsministère an dem Fraeministère soll an d'Wee geluecht ginn. Den Télétravail kënnt gegebenefalls och am Enseignement ugewannt ginn. Fir d'Leit, déi d'Affer vun engem sougenannte Burn-out gi sinn, kann een et als Instrument gesinn, fir hir Aarbecht zäitweis dann awer nach weider ze féieren. Allerdéngs däerf een an dësem Kontext jo awer net vergiessen, datt beim Télétravail Donnéeën aus dem öffentlechen Déngscht doheem traitéiert ginn. Et ass also normal, datt déi néideg Garantië geschafe musse ginn, fir datt d'Confidentialitéit hei respektéiert gëtt.

Bis elo hunn déi Beamten, déi beim Stat démissionéiert haten, nees bei null ufänke missen, dat heescht, si hu missen nees déi néideg Examen maachen, fir erëm an de Statsdéngscht zréckzekommen. Dowéinst ass e weidere wichtege Schrëtt, fir deene Fraen d'Méiglechkeet ze ginn an hire fréiere Beruff zréckzekommen, déi bis 1984 wéinst der Erziehung vun hire Kanner démissionéiert haten. Ënner gewësse Konditioune kënne si elo nees beim Stat agestallt ginn. Si mussen allerdéngs dann e spezielle Cours de formation besichen a kréie bei der Berechnung vun hirer neier Carrière déi Zäit, déi se fréier beim Stat geschafft hunn, ugerechent.

Virera gëtt duerch de Ressortminister fixéiert op Avis vum Minister vun der Fonction publique. De Stéchdatum ass wéi gesot den 1. Januar 1984, well jo no deem Datum progressiv Verbesserunge fir d'Fraen agefouert goufen, déi wéinst der Erzéiung vun hire Kanner deelweis oder ganz doheem wollte bleiwen, awer gläichzäiteg och nach e Fouss am Aarbechtsliewe behale wollten. Dës Dispositioun gëllt iwwregens och fir déi Beamten, déi um 1. Januar 1984 an engem Congé de maternité, an engem Congé sans traitement oder an engem Congé pour travail à mi-temps waren an déi dann hu missten démissionéieren, well se déi respektiv Congéen eben net verlängert kruten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e weidere Schwéierpunkt vun dëser Reform ass ouni Zweifel d'Disziplinarprozedur, déi elo méi transparent a manner komplizéiert gëtt.

D'Vergaangenheet huet nämlech bewisen, datt et besser ass dës Aufgab engem Spezialist ze iwwerdroen. E Regierungscommissaire ass duerfir an Zukunft zoustänneg fir d'Instruktioun. Zil ass et fir dem Fonctionnaire d'Garantie ze ginn, datt d'Enquête géint hie vun enger onofhängeger Autoritéit an de beschten neutralen an onparteiesche Konditioune gefouert gëtt. Dat wäert sech positiv fir déi kleng Verwaltungen auswierken.

Dir kënnt Iech jo d'Klima virstellen, wou de Verwaltungschef misst d'Instruktioun géint e Beamte féiere mat deem hien och nach all Dag muss zesummeschaffen. Dëse Regierungscommissaire gëtt vun engem spezialiséierte Service ëmginn. Hie kann awer och en Dossier klasséieren, wa sech erausstellt dass de Fonctionnaire u sech kee Feeler gemaach huet. De Commissaire iwwerhëlt also elo d'Aufgab hei vum Chef hiérarchique oder vun der Autoritéit, déi d'Nominatioun virgeholl hat. Hie kann och eng Suspensioun vun engem Beamten ausspriechen, mä déi muss dann awer nach vum Ressortminister confirméiert ginn.

E Conseil de discipline, deen iwwregens och elo nach deelweis anescht zesummegesat gëtt, huet dernieft all Entscheedungspouvoir. Souwuel den Delegéierte vun der Regierung wéi och de sanctionnéierte Fonctionnaire hunn neierdéngs d'Méiglechkeet vun engem Recours bei den administrative Juridictiounen, all Kéiers da wann de Conseil de discipline an éischter Instanz statuéiert.

Nom éischten Avis vum Conseil d'Etat ass d'Dispositioun fale gelooss ginn no där all Persoun quasi kéint bei de Regierungscommissaire klape goen, wann e Fonctionnaire senger Pflicht net nokéim. De Statsrot hat déi Manéier mat engem «Guichet unique destiné à traiter les délations» ëmschriwwen. De Ressortminister behält awer selbstverständlech nach e Pouvoir disciplinaire andeems hie Sanctiounen, wéi d'Verwarnung, de Verweis oder d'Geldstrof bis zu engem Fënneftel vum Basisgehalt ausspriechen kann. De Minister muss awer selbstverständlech iwwert d'Evolutioun vum Dossier informéiert ginn. Et war net noutwendeg en zousätzlechen Text an d'Gesetz anzeschreiwen, well de Commissaire jo ënnert der Tutelle vum Minister vun der Fonction publique fonctionnéiert.

Loosse mer an dësem Zesummenhang awer och nach erwähnen, datt e sougenannten Ordre de justification agefouert gëtt, dat heescht datt de Verwaltungschef en Instrument kritt fir de Fonctionnaire gegebenenfalls u seng Pflichten ze erënneren. Dës Neierung mécht et och méiglech, datt a verschiddene Fäll et vläicht net onbedéngt noutwendeg ass eng Disziplinarprozedur anzelauden.

Op där anerer Säit huet awer de Fonctionnaire selbstverständlech och e Reklamatiounsrecht, wat nach zu senge Gonschte verbessert gëtt, well elo d'Regierung spéitstens no dräi Méint eng Äntwert muss ginn.

Mat dësem Projet ginn och d'Astellungskritären harmoniséiert, an zwar sinn d'Examens-concours elo d'Regel. Domadder gëtt der Transparenz an der Gläichheet méi Rechnung gedroen. Et ass obligatoresch, datt all fräie Posten duerch ugepasste Moyene publizéiert muss ginn, zum Beispill iwwert de Wee vun der Press, dem Mémorial oder och dem Internet. D'Verwaltunge ginn elo obligéiert fir all fräi Plaz dem Minister vun der Fonction publique matzedeelen. Doduerch gëtt et dem Sekretariat vun der Kontrollkommissioun méiglech seng Roll als Koordinator, Conseiller an Informant am Beräich vun de fräie Plaze besser ze spillen.

An de leschte Jore si jo déi fräi Plaze beim Stat och verstäerkt duerch ministeriell Circulairë matgedeelt ginn. Duerfir gëtt och de Wee iwwert den interne Recrutement méi staark organiséiert, andeems de Minister vun der Fonction publique elo d'Diffusioun vun dëse Circulairë virhëlt.

De Changement vun enger Verwaltung an eng aner gëtt och elo méi einfach gemaach, well nach just de Kritär vun der Schoulformatioun considéréiert gëtt. An deem Kontext kann ee sech effektiv d'Fro stellen, ob net souguer de Changement d'administration zu enger zousätzlecher Motivatioun vun engem Beamte féiert. Et däerf ee jo och net vergiessen, datt hie seng Experienz matbréngt a seng nei Tâche eran, wat sech och ouni Zweifel kéint als positiv erausstellen.

D'Grenz vum Astellungsalter gëtt vu 40 op 45 Joer eropgesat. Allerdéngs ass elo awer dann och keng Derogatioun méi méiglech. Am Intérêt vun der Transparenz muss, wéi gesot, all vakant Plaz öffentlech ausgeschriwwe ginn, woubäi natierlech den Ënnerscheed tëschent engem Recrutement interne an engem Recrutement externe gemaach gi muss. Dat hei gëllt allerdéngs net fir déi Posten, déi mat engem Contrat à durée déterminée festgehale ginn.

Eng Exceptioun gëtt et awer an Zukunft, wat elo d'Astellung vu Personal ubelaangt. Esou kënnen eventuell Expären aus dem Privatsecteur engagéiert ginn. Hir Erfahrung kann eng Beräicherung fir den öffentlechen Déngscht sinn. Allerdéngs, an dat wëll ech och hei ënnersträichen, kann esou eng Décisioun nëmme vum Regierungsrot geholl ginn, an dat och nëmmen an aussergewéinleche Fäll. No enger Proufzäit vun engem Joer, wou dann déi betreffend Persoun de Statut vum Employé de l'Etat huet, ka se dann iwwerwiesselen an de Statut vum Fonctionnaire.

Fale gelooss ginn ass allerdéngs elo den emgedréintene Wee, nämlech den Transfert vum Public an de Privé, an dat op Urode vum Conseil d'Etat. De Statsrot gesäit nämlech an esou engem Fall eng Contradictioun, well d'Verwaltung vun deem betraffene Beamten, wou hie géing détachéiert ginn, nach ëmmer hierarchesch Responsabilitéiten dann hätt. Allerdéngs kënnen d'Fonctionnairë selbstverständlech bei Etablissements publics détachéiert ginn. Ech wëll och nach hei drun erënneren, datt et jo och méiglech ass, datt Magistrate bei internationalen Organisatiounen zäitweis ugestallt kënne ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Mobbing ass jo en Term, deen ëmmer méi am moderne Sproochgebrauch opkënnt, an dat besonnesch am Kontext mat der Aarbechtswelt. Et handelt sech hei ëm e gewëssent Verhale vu Leit vis-à-vis vun engem Aarbechtskolleeg, mam Resultat datt deem seng Dignitéit net méi respektéiert gëtt an datt dofir souguer psychesch oder physesch Schied entstoe kënnen. Verschidden Etüde weisen drop hin, datt an Europa ronn 9% vun de Salariéë géingen op hirer Aarbechtsplaz gemobbt ginn. Och deem dréit elo dëse Projet de loi Rechnung. D'Notioun vum Harcèlement moral a sexuel ass deementspriechend an den Text ageschriwwe ginn.

E weidere gesellschaftspolitesche relevante Punkt, deem dëst Gesetz eng Bedeitung gëtt, ass den Delegéierte vun der Chancëgläichheet. Am Privatsecteur ass dës Fonctioun jo schonn duerch d'Gesetz vum 28. Mee 1998 agefouert ginn, dat als Folleg vum nationale Beschäftigungsplang, deen den 18. Abrëll 1998 arrêtéiert gi war. Den öffentlechen Déngscht zitt elo no, mä dës Fonctioun ass allerdéngs nëmmen do virgesinn, wou keng Personaldelegatioun besteet. Am anere Fall ass et wéi gesot d'Personaldelegatioun, déi de Rôle vun der Chancëgläichheetsfonctioun dee Moment iwwerhëlt.

En effikasse Fonctionnement vum Statsapparat kann nëmme mat motivéierte Beamte garantéiert ginn. Dofir gëtt och elo de regelméissegen Austausch vun Iddien a Virschléi, wat d'Aarbechtsmethod ubelaangt, tëschent Salariéen a Virgesetzte gesetzlech verankert. Déi sougenannte Mataarbechtergespréicher kënnen also nëmmen zu engem besseren Aarbechtsklima bäidroen. Ausgeschloss ass an Zukunft awer och d'Evaluatioun vun de Beamten.

Zu engem gudden Aarbechtsklima gehéiert natierlech awer och ouni Zweifel eng Personaldelegatioun, déi hir Fuerderungen op eng gerecht Aart a Weis virbrénge kann. Dat war jo an der Vergaangenheet net ëmmer esou de Fall an duerch d'Aféierung vun engem Kalenner, no deem d'Delegatioun an d'Direktioun sech regelméisseg treffe mussen, gëtt d'Instrument Personaldelegatioun also staark revaloriséiert. Och d'Asetze vun engem Aarbechtsdokter an engem Kontrolldokter liwwert de Beweis, datt dëse Projet de loi d'Änneruge vun dem Aarbechtsëmfeld respektéiert.

Während d'Sécherheet op der Aarbecht als Zil huet d'Gesondheet vum Fonctionnaire ze schützen, gëtt de Kontrolldokter der Verwaltung d'Méiglechkeet op Demande vun der Pensiounskommissioun medezinesch Kontrolle bei Fonctionnairen duerchzeféieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst neit Gesetz ännert natierlech awer och déi zwee Pensiounsgesetzer am öffentlechen Déngscht vum 26. Mee 1954 an dat vum 3. August 1998 iwwert de Spezialregime of. Dat ass ënner anerem eng Konsequenz vum Rentendësch. An dem Beräich vun de Babyjore gëtt zum Beispill munches adoptéiert. Esou gëtt den Datum vum 1. Januar 1988 wéi am Régime général eropgesat. Zënter dem Gesetz vum 16. Abrëll 1979 iwwert de Statsbeamtestatut applizéieren déi zwee Pensiounsregimer am öffentlechen Déngscht jo schonn d'Babyjore fir d'Berechnung vun der Pensioun. Zënter dem 1. August 1994 sinn dat zwee Joer. Natierlech huet een och wei derhi missen eng contractuel Relatioun mat sengem Patron behalen.

Am anere Fall huet een Urecht op de Forfait d'éducation, dee mer jo duerch d'Gesetz vum 28. Juni 2002 agefouert hunn. Fir eng Equitéit tëschent dem originale Regime an dem Iwwerganksregime hierzestellen, musse spezial Moossname fir den Iwwerganksregime geholl ginn. Gegebenenfalls kann e Complément verrechent ginn, wann d'Mise en compte vun de Babyjoren net equivalent zu dem Forfait d'éducation ass. Dës Situatioun ka sech theoretesch bei deenen ënneschte Carrièren astellen.

Op där anerer Säit kënnen dës Prestatiounen awer och zu enger Pensioun féieren, déi méi héich wéi 5/6 vum leschte Gehalt wieren. An deem Fall muss dann de Bénéficiaire entweder fir d'Babyjoren oder de Forfait d'éducation optéieren.

Een, dee wéinst berufflecher Incapacitéit oder wéinst Disqualification morale an d'Pensioun geschéckt gëtt, huet elo net méi direkt en Urecht op eng Pensioun, mä eréischt mam Alter vu 65 Joer op eng Pension différée. An dësem prezise Fall ware mer jo och am éischten Avis vum Statsrot mat enger Opposition formelle konfrontéiert. Och am zweeten Avis huet de Statsrot mat enger Opposition formelle gedrot. Fir dunn awer alle Problemer aus de Féiss ze goen, huet d'Kommissioun sech fir de proposéierten Text vum Statsrot décidéiert. Domat dierft och elo keng Zweedeitegkeet opkommen, wat déi Leit betrëfft, déi ënnert der aler Gesetzgebung d'office an d'Pensioun geschéckt goufen.

Weider ginn Adaptatiounen um Pensiounsregime virgeholl, déi un éischter Linn am Intérêt vun deenen ënneschte Carrièrë sinn. Da gëtt zum Beispill de Majoratiounstaux vun 1,296% op 1,383% fir de Spezialregime eropgesat, dat heescht fir déi Pensiounen, déi nom 1. Januar 1999 ausbezuelt goufen. Fir den originale Regime gëllen déiselwecht Dispositiounen, allerdéngs bis e Plaffong vun 200 Indexpunkten. Bei de Witwerente gëtt de Plaffong vun 150 op 180 Punkten eropgesat.

Positiv Verännerunge gëtt et dann awer och nach um Niveau vun den Invaliderenten. Ernimmt soll ënner anerem hei ginn, datt d'Méiglechkeet fir e Rachat schonn elo mat 55 Joer ufänkt an net eréischt mat 60, wéi dat fréier de Fall war. Allerdéngs muss een an där Situatioun dann awer och 40 Joer Déngscht virweisen. Ech gi gären zou, datt dat hei dee komplizéiertste Volet vun dem Gesetz ass an duerfir iwwerloossen ech och léiwer den Expären d'Tribün fir zousätzlech Explicatiounen do ze ginn.

Tatsaach ass awer, datt all dës Verbesserungen en enormen Aarbechtsopwand wäerte mat sech bréngen, an duerfir erlaben ech mer och vun dëser Plaz aus der Madame Minister an dem Statssekretär vläicht mat op de Wee ze ginn, deene Leit an deenen nächste Wochen a Méint, déi elo ganz vill rechne mussen, déi beschtméiglech Konditiounen ze ginn, fir datt dat villt Gerechens mat esou mann wéi méiglech Problemer kann iwwert d'Bühn goen.

A propos Pensioun, am ursprüngleche Projet war och virgesi fir no der Pensioun nach fräiwëlleg schaffen ze goen, dat heescht de sougenanntene Bénévolat. Ech gi gären zou, datt dës Iddi am Ufank och an eiser Kommissioun net op ganz grouss Begeeschterung gefall ass, well dës Neierung hätt jo och ouni Zweifel zu enger Rei zousätzlechen neie Problemer gefouert, esou datt mer dann am Endeffekt och net onfrou sinn, datt mer de Bénévolat elo fale gelooss hunn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

De Statsrot a virun allem awer och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hate sech méi oder wéineger och op eng ganz determinant Aart a Weis géint dës geplangten Dispositioun ausgesprach.

Par conter besteet allerdéngs elo d'Méiglechkeet fir no der Pensioun nach gegebenenfalls bis 68 Joer weider schaffen ze goen. Majoritaire ware mer eis an der Kommissioun eens, datt dat eng gutt Saach ass. Engersäits erlaabt et dem Beamten de Schrëtt an d'Pensioun méi spéit unzetrieden, anersäits kënnen awer och a verschiddene Secteuren - ech denken hei virun allem un den Enseignement - gewësse Pénurien opgefaange ginn. Allerdéngs muss een och hei ënnersträichen, datt dës Mesure net e verbrieftent Recht ass, mä datt schonn d'Konditioune vum Service et erlabe musse fir enger Persoun d'Méiglechkeet ze gi bis 68 Joer schaffen ze goen.

Op eng Rei aner Verbesserunge vun dem Statut wëll ech just nach kuerz agoen. Wat zum Beispill d'Accessoireaktivéiten niewent der eigentlecher Aarbecht ubelaangt, esou wier drop hinzeweisen, datt an Zukunft esou Demanden net méi vum Regierungsrot, mä vum Ressortminister aviséiert ginn. Doriwwer wäert dann de Regierungsrot och net onfrou sinn, well ech mer soe gelooss hunn, datt se an der leschter Zäit mat vill esou Dossierë konfrontéiert gewiescht wieren.

Am Fall wou e Fonctionnaire a preventiver Haft ass, huet en elo Urecht op d'Halschent vum Akommes vu sengen accessoiren Aktivitéiten.

Dann eng aner Neierung nach, déi Leit, déi zwee Echecen am Promotiounsexamen haten, kréien elo nach eng drëtt Chance. Dat setzt allerdéngs viraus, datt se nach zousätzlech Coursë besichen. Ze erwähnen ass och nach, datt op Basis vum Prinzip vun der fräier Zirkulatioun vun den Aarbechter an der Europäescher Unioun eng Décisioun vum Regierungsrot net méi noutwendeg ass, wann ee säi Wunnsëtz am Ausland huet. Et ass elo esou, datt de Fonctionnaire an enger räsonnabeler Distanz zu senger Aarbechtsplaz muss wunnen. Dat heescht also, datt en och an Zukunft ka roueg säin Haus zu Kanfen oder zu Sterpenich opriichten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zum Deel kritesch Avisen, esouwuel vum Statsrot wéi vun der Beamtechamber, hunn eis, wéi ech dat schonn aganks hei ënnerstrach hunn, vill beschäftegt. Deene verschiddenen Oppositions formelles vum Conseil d'Etat hu mer ausnahmslos Rechnung gedroen. Bedéngt duerch déi zwee Avisen, sinn ënner anerem folgend Punkten, déi am initiale Projet virgesi waren, gestrach ginn.

1. De Contrat à durée déterminée, fir eng Period vun iwwer zwee Joer. De Statsrot hat zwar hei am Prinzip säin Accord zu där geplangtener Moossnam ginn, mä am Endeffekt hu mer et awer fale gelooss, net zulescht och wéinst de kritesche Bemierkunge vun der Chambre des Fonctionnaires. Ech wëll op dëser Plaz allerdéngs bemierken, datt natierlech de Problem vun de Remplacementer domadder net geléist ass.

2. D'Period vun 12 op 18 Méint eropzesetzen am Kader vun engem Krankecongé. De Conseil d'Etat war der Meenung, dës Dispositioun wär géint de Prinzip vun der Gläichheet virum Gesetz, well déi envisagéiert Period net am Code des Assurances sociales virgesi wär.

3. Déi individuell Klasséierung vun den Employéen duerch de Minister.

4. D'Ausdehnung vum Gesetz vum 19. Mäerz 1988 iwwert d'Sécherheet an den öffentleche Verwaltungen op d'Etablissements publics. Am ursprüngleche Projet war och virgesinn, fir d'Familljenzoulag op net bestuete Koppelen auszedehnen. De Statsrot huet sech och net géint déi Mesure opposéiert, mä och dat hu mer fir de Moment am Suspens gelooss aus där ganz einfacher Ursaach, well d'Gesetz bis zu dësem Zäitpunkt iwwert de Partenariat nach net gestëmmt ass. Dee Moment wou dat Gesetz gestëmmt ass, kann een dat heiten da roueg nohuelen.

Vill an der Diskussioun war an ass jo och d'Nominatioun fir eng begrenzten Zäit op e Poste mat spezieller Verantwortung, zum Beispill Verwaltungsdirekter oder en Direkter vun engem Lycée. A sengen zwee Avisen huet de Conseil d'Etat ëmmer erëm en Hoer an der Zopp fonnt, fir dës Neierung, ouni Zweifel ee vun den Haaptelementer vum neie Statut, net ze akzeptéieren. Virun allem war de Statsrot der Meenung, datt de Projet de loi net géing Differenz maachen tëschent der Nominatioun op eng Funktioun an d'Affektatioun op eng bestëmmte Plaz.

Och d'Chambre des Fonctionnaires huet sech géint dës Moossnam ausgesprach. D'Regierung ass awer der Meenung, datt ee soll un deem Punkt do festhalen. Et muss ee vläicht hei awer och nach eng Kéier preziséieren, datt wann eng Désignatioun op e Posten zu Enn kënnt, da verléiert de Beamten zwar dee Posten, awer net d'Funktioun op déi hie genannt gi war.

An der Sitzung vum leschte 17. Abrëll hu mer eis an der Kommissioun eestëmmeg, mat Ausnahm vum ADR-Vertrieder, dee sech enthalen hat, dofir ausgeschwat, fir dëse Volet vun de Postes à responsabilité particulière aus dem Projet de loi eraus ze huelen. D'Regierung wäert an noer Zukunft en zousätzleche Projet déposéieren, dee sech just dann nach wäert mat dësem Punkt ofginn. Dat erlaabt et och, déi genee Aschreiwung vu spezifesche Konditiounen a Kritären, wat dës Punkten ubelaangt, virzehuelen.

Well et de Wonsch ass fir dat Gesetz, wat mer haut diskutéieren, och esou séier wéi méiglech ëmzesetzen, hu mer eis dofir fir dës Prozedur ausgeschwat. Ech wëll op dëser Plaz drop hiweisen, datt hei zu Lëtzebuerg d'Limitatioun vu Posten iwwregens scho besteet, an zwar gëtt de Gros vun den Direktere vun den Etablissements publics, sief dat Post, sief dat Spuerkeess, sief dat de Commissariat aux assurances, oder sief dat CSSF, fir eng begrenzten Zäit nominéiert.

Et ass och nach hei ze ernimmen, datt d'Regierung net manner wéi 14 Projets de règlements granducaux un de Projet de loi annexéiert hat, wat et eis och erlaabt huet an der Diskussioun méi an den Detail vun deenen eenzelnen Dispositiounen ze goen.

Ech wëll awer och hei nach op den Aspekt vun der Bedeelegung vun den Net-Lëtzebuerger am öffentlechen Déngscht agoen. Den 2. Juli 1996 war eist d'Land jo vum europäesche Geriichtshaff condamnéiert ginn, fir säin öffentlechen Déngscht den EU-Bierger opzemaachen. Dorops gouf duerch Décisioune vum Regierungsrot vum 5. a vum 10. Juli 1996 den Aarbechtsgrupp „libre circulation" agesat. Dëse Grupp huet déi Ministèrë festgehalen, wou auslännesch Matbierger kënne schaffen. Och een neit groussherzoglecht Reglement läscht déi Verwaltungen an Etablissements publics op, wou d'Kenntnis vun där enger oder där anerer administrativer Sprooch net méi noutwendeg ass. Dëst Gesetz trëtt iwwregens den éischten Dag vun deem Mount a Kraaft, nodeems et am Mémorial publizéiert gouf, mat Ausnahm vun den Dispositiounen iwwert de Regierungscommissaire an déi iwwert den Aarbechts- a Kontrolldokter. Déi lescht genannte Regelungen trieden allerdéngs eréischt den éischten Dag vum véierte Mount a Kraaft, nodeems se am Mémorial publizéiert waren.

Fir verschidden Dispositioune vum Gehältergesetz gëllen nach aner Datumen, op déi ech awer elo net hei am Detail wëll agoen.

Fir dëse Rapport awer komplett ze maachen, wëll ech och nach drop hiweisen, datt eis sozialistesch Kolleegen an der Sitzung vum leschte 27. Mäerz nach e Froekatalog ënnerbreet haten. Ënner anerem ass et iwwert d'Remplacementer, d'Kompetenze vum Regierungscommissaire fir d'Disziplinarinstruktioun an den Aarbechtsdokter gaangen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ofschléissend nach all deene Leit, déi beim Zustanekomme vun dësem ganz wichtege Gesetzesprojet eng Hand mat ugepaakt hunn, virun allem de Beamten aus dem Ministère, dem Sekretär vun eiser Kommissioun a virun allem dem Jean Lammar aus der DP-Fraktioun, e ganz grousse Merci soe fir hir konstruktiv Aarbecht.

Am Numm vun der Kommissioun géing ech lech och dofir bieden, dësem Projet Är Ënnerstëtzung ze ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Paul-Henri Meyers agedroen. Den Här Meyers huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur fir säin ausgezeechente schréftlechen an och mëndleche Rapport merci soen. Dat wäert deene Riedner, déi duerno kommen, erlabe fir sech op aner Problemer ze konzentréieren, well en eis dat Wesentlecht aus deem neie Projet kloer an däitlech exposéiert huet.

De Projet iwwert de Statut vum Statsbeamten ass ee wichtege Projet. D'Chamber vun de Fonctionnairen huet selwer an hirem Avis geschriwwen, et wier d'Charte fondamentale vun dem Statsbeamten, an dat ass och richteg. Et ass d'Kärstéck vun de Relatiounen tëschent dem Stat an de Leit, déi beim Stat schaffen. An dofir ass et och net aussergewéinlech, dass dee Projet hei vun der Beruffschamber vun de Fonctionnairë mat enger ganz grousser Akribie ënnersicht ginn ass, an dass se och déi Punkten, déi se als wesentlech ëmfënnt, verteidegt huet a sech dofir agesat huet, dass dee Statut an där Form wéi mer e kennen, a wéi déi Relatioune musse bestoen, fir dass déi wesentlech Punkten erhale bleiwen.

De Statsrot huet sech ausféierlech mam Projet auserneegesat. Och dat ass ze begréissen. Fir mech ass dat erfreelech, dass hei am Zesummespill vun den Institutiounen en Text esou kann ënnersicht ginn, wéi dat muss sinn. Dat ass keng Kritik, mä dat soll ee begréissen, an do gesäit een och dass mer an engem wierklechen demokratesche Stat liewen, well eng Demokratie, Dir Damen an Dir Hären, Här President, lieft zum Deel aus der Kritik. An déi positiv Kritik, déi och kënnt, soll ee sech zu Häerz huelen, well dat bréngt eis virun, an et soll een och net doraus schléissen, dass dat en negatiivt Bild vun den Institutioune géif ginn.

De Statut stellt also d'Kärstéck duer vun de Relatiounen tëschent de Beamten an dem Stat, mä de Statut regelt net eleng déi Relatioun. Et ginn nach aner Dispositiounen, déi iwwert dem Statut stinn, an ech erënneren hei un eenzel Dispositioune vun der Verfassung, déi och de Statsrot rappeléiert huet, an déi de Statsrot dozou gefëiert hunn, fir sech formell ze opposéieren, dass eenzel Dispositiounen an dat Gesetz géifen erakommen. D'Artikelen déi an der Verfassung stinn, et sinn der eng ganz Rei, et sinn haaptsächlech d'Artikelen 10 bis, 30, 31, 35, 76, 92, 93 a gegebenenfalls och nach anerer, déi net spezifesch sech op d'Fonction publique bezéien.

Ech erënneren och drun, dass an den Texter vun der Europäescher Unioun, notamment an dem Traité vu Roum, den Artikel 48 sech och ausféierlech mat der fräier Zirkulatioun vun de Leit an der Communauté ofgëtt, an dass och do d'Statsbeamten zum Deel drënner falen, esou dass och Lëtzebuerg, esou wéi de Rapporteur et gesot huet, no enger Condamnatioun e Gesetz abruecht huet, wat a Kraaft getrueden ass a wat eng Rei vun Domäne fir d'Fonction publique opgemaach huet.

Dir Dammen an Dir Hären, wann een de Statut vum Statsbeamten analyséiert, da kënnt een an enger grëffeger Form dat heite soen, dass de Beamten am Déngscht vum Stat, am Déngscht vun der Allgemeinheet ass, mä dass de Stat net eleng am Déngscht vum Beamte steet. Ech mengen, dat musse mer eis och virun Aen halen an dat muss och deen eenzelne Beamte sech virun Aen halen, wann hien an den Déngscht vum Stat trëtt, well hien ass am Déngscht vun alle Matbierger.

Wat sinn elo déi verschidden Dispositiounen, déi duerch dat Gesetz hei geännert gi sinn? Ech wäert versichen an e puer Domänen de ganzen Text ze regruppéieren an e puer Domäne besonnesch ervirzehiewen.

En éischten Deel betrëfft, wat ee géif soen, den Accès à la fonction publique, de Recrutement an och d'Formatiounen. Do muss ee schonn direkt den Artikel 10bis vun der Verfassung rappeléieren, dee seet, datt d'Lëtzebuerger gläich si virum Gesetz an dass se alleguer admissibel si fir all öffentlech Emploien, civils ou militaires. Den Text fügt bäi - et ass en Text, dee relativ rezent ass -, datt d'Gesetz déterminéiert wéi Net-Lëtzebuerger an d'Fonction publique kënnen erakommen.

Et ass dee Prinzip, dee mer eis musse virun Aen halen, wa mer déi Dispositiounen, déi sech ofgi mat dem Accès à la fonction publique, ënnersichen. Duerfir kann een och nëmme begréissen, dass an deem Deel, deen den Accès à la fonction publique betrëfft, e puer Klärungen erakomm sinn, déi gutt sinn an déi och all Arbiträr, esou wéi de Rapporteur et och gesot huet, ausschléissen. Eng Dispositiouun betrëfft den Alter, deen eropgesat ginn ass op 45 Joer, awer domat ass et Schluss. Eng aner Méiglechkeet gëtt et net méi. Domat weess och jiddereeen, dass do keng Ausnahme gemaach ginn an domat gëtt och de Prinzip vun der Gläichheet virum Gesetz a mengen Ae respektéiert. Allerdéngs muss een och hei derbäifügen, dass fir verschidden Emploien, notamment bei der Police, den Alter vun 30 a 35 Joer gëllt.

Eng zweet Dispositiouun, déi nei ass, ass d'Méiglechkeet vu Beamte fir de Service public erëm ze réintegréieren, wa se a Pensioun gaange sinn. Do spillt den Intérêt de service. Déi Décisioun muss relativ séier geholl ginn. D'Gesetz gesäit och vir wat dee Beamten, deen erëm, nodeem e pensionéiert war, an den Déngscht zréckkënnt, wat heiansdo noutwendeg ass, wat och am Hibléck op Obligatiounen, déi de Stat huet an am Intérêt public noutwendeg ass, dass déi Leit zréckkommen, verdéngt. D'Indemnitéit an d'Pensioun zesummen däerfen net iwwer 10% vun deem fréiere Gehalt erausgoen.

D'Bestëmmunge ginn duerch e Règlement grand-ducal fixéiert an dee Règlement grand-ducal muss sech selbstverständlech un déi allgemeng Regelen halen, déi och hei am Gesetz virgesi sinn.

Da gesäit den Text vir, dass de Stat Leit rekrutéiere kann, déi eng besonnesch Expérience professionelle hunn. Hie kann duerfir an de Secteur privé goe fir Leit an d'Fonction publique eranzehuelen, déi hie gegebenenfalls brauch.

Ech muss lech ganz éierlech soen, d'Fro stellt sech éischtens emol, ob, wann esou Leit gebraucht ginn, déi Posten da mussen ausgeschriwwe ginn, fir de Prinzip vun der Gläichheet virum Gesetz ze wahren, well jo jiddereen, deen d'Bedingungen erfëllt, Accès zu esou engem Poste kënnt hunn, a wann dee Posten ausgeschriwwe gëtt an et ass kloer déterminéiert wat d'Kritäre si fir dee Posten ze occupéieren, dass dann natierlech selbstverständlech och all Beamten, dee mengt hien hätt déi néideg Experienz, sech ka mellen, an dann ass et un der Regierung fir ze décidéiere wien déi néideg Capacitéiten huet fir deen dote Posten ze besetzen.

Ech mengen, dat do wäerten Ausnahmeregelunge sinn, déi net déi allgemeng Dispositiounen, déi mer fir d'Fonction publique kennen, ausser Kraaft setzen. Et sollen och Ausnahmebestëmmunge bleiwen an de Stat soll à même sinn, wann hie selwer keng Leit huet, déi eenzel Poste kënne besetzen, fir och op aner Leit am Secteur privé an Ausnahmefäll kënnen zréckzegräifen.

Ech wëll dann awer e Punkt hei nach uschneiden, deen och vum Rapporteur ugeschnidde ginn ass, wat den Accès à la fonction publique ugeet, dat ass dee vun Net-Lëtzebuerger. Mir wëssen, dass dee Problem bei ville Beamten haut mat gewëssen Appréhensioune verbonnen ass. Mir wëssen och, dass d'Beruffsvertretung, d'CGFP, och do hir Bedenken huet fir Net-Lëtzebuerger an d'Fonction publique eranzehuelen, wat zu enger Verfriemung vun der Fonction publique féiere kënnt.

Ech mengen net, Här President, dass wa mer vun den Net-Lëtzebuerger schwätzen, déi an d'Fonction publique kënne kommen, dass dat Leit sinn, déi vu Berlin, vu Stockholm oder vu Madrid hei op Lëtzebuerg komme fir hei Statsbeamten ze ginn. Mir hunn awer an eisem Land en anere Problem mat deem mer eis mussen ausernee setzen, dat ass déi grouss Zuel vun Net-Lëtzebuerger, déi hei am Land wunnen, eng Zuel déi permanent zouhëlt.

Ech däerf nëmmen drun erënneren, dass mer an eise Schoulklasse bis zu 50% a méi Net-Lëtzebuerger hunn. Kanner, déi hei am Land gebuer sinn, déi mat de Lëtzebuerger Kanner, wann ech dat esou ka soen, zesummen hir Schoule maachen, déi en Attachement hunn un eist Land, deen heiansdo méi grouss ass wéi dee vun eisen eegene Kanner, déi also eigentlech ausser der Nationalitéit, géif ech bal soen, all Bedingungen erfëlle fir och an der Fonction publique déi Aufgaben ze iwwerhuelen, déi mer eigentlech de Lëtzebuerger reservéieren.

Et ass e Problem, dee sech fir eis Lëtzebuerger Gesellschaft stellt, deem mer eis net kënne verschléissen a mir däerfen och net a mengen Aen hei eng Attitüd anhuele wéi wa mir an enger Festung séizen, an dass mer den Terrain dobaussen aneren iwwerloosse géifen. De Problem muss positiv ugaange ginn an et muss een och kucke wéi een de Problem ka léisen. Ganz sécher ass et esou, esou wéi d'Evolutioun och vum europäesche Recht sech mécht, dass et bei deenen Domänen, déi elo op si fir d'Net-Lëtzebuerger an der Fonction publique, dass och déi Domäne wäerten ausgedehnt ginn, well mir kennen d'Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff a mir sollen, wéi gesot, och dee Problem do positiv ugoen am Dialog selbstverständlech mat dem Vertrieder vun der Fonction publique.

Dee Problem wäert och en anert Gesiicht kréien, dee Moment wou mer bereet sinn den Net-Lëtzebuerger et ze erlaben, dass se eng duebel Nationalitéit kënne kréien, well dee Moment ass et evident dass och een, deen eng duebel Nationalitéit huet, selbstverständlech och all Accèsen huet zu der öffentlecher Fonctioun.

***(Interruption)***

Selbstverständlech muss dann en aneren Text gemaach ginn. Et muss jo och en Text gemaach gi fir de Problem vun der duebler Nationalitéit.

***(Interruption)***

Här Fayot, d'Gesetzgebung ass näischt Statesches. Et ass eppes, wat an Evolutioun ass. En Text kann ëmmer erëm ugepasst ginn, wa sech eng Majoritéit an der Chamber fënnt, fir deen Text ofzeänneren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- En zweeten Domän betrëfft d'Droits et devoirs vun de Statsbeamten, wou ganz oft no baussen ëmmer nëmmen op d'Droitë gepocht gëtt an net esou séier op d'Devoiren.

Déi zwee sinn awer gläichwäerteg. A wann een e gesond Verhältnis zu der Fonction publique huet, an ech géif menge meng Partei hätt dat, da brauch ee sech och net ze scheie fir och op Verpflichtunge vum Statsbeamten hinzeweisen.

Wann een Droits et devoirs seet, da muss ee wëssen, dass no baussen de Statsbeamten d'Bild vun der Fonction publique duerstellt. De Beamten ass souzesoen d'Gesiicht vum Stat, well de Stat u sech huet kee Gesiicht. De Statsbeamte stellt dat Gesiicht duer, an de Bierger dobaussen uerteelt dat wat de Stat mécht, nodeem wéi och d'Statsbeamte sech behuelen a wéi se hir Aufgaben erfëllen. Dofir ass et och wichteg, dass déi Dispositiounen am Text dra sinn, dass och hei verschidden Upassunge gemaach ginn. A wann ech vum Gesiicht geschwat hunn, da wëll ech awer och soen, de Statsbeamten ass och d'Stëmm vum Stat. En ass d'Stëmm vum Stat, well iwwer hien d'Kommunikatioun mam Bierger geschitt. An do ass et och wichteg, dass déi Kommunikatioun gutt ass. Ech muss och soen, dass an deene leschte Jore ganz vill an der Fonction publique gemaach ginn ass, fir dass déi Kommunikatioun vun den öffentleche Verwaltungen zum Bierger wesentlech verbessert gëtt, an et gëtt och dobausse vun de Leit appréciéiert.

De Statsbeamten ass awer och d'Hand vun der öffentlecher Funktioun. Engem eng Hand reechen, wëll soen him hëllefen. Him entgéint kommen. Et si Leit, déi denken ëmmer nëmmen un een Zeechen. Eng Hand reechen wëll och bedeiten, dass een dem Bierger hëlleft, dass een en, wann e bei d'Verwaltung kënnt, net ofweist, mä dass een him hëlleft fir déi Rechter, déi en huet, och ze erreechen. An ech kann Iech soen, dass et Verwaltunge gëtt, notamment an der Sécurité sociale, déi de Prinzip hunn, dass wann Dispositiounen do sinn, déi kënne verschiddentlech interpretéiert ginn, dass se ëmmer esou sollen interpretéiert ginn, dass se am Intérêt vum Bierger sinn, well et gëtt nämlech och Verwaltungen déi de Contraire maachen, an déi eng Interpretatioun huelen, déi net noutwennegerweis am Intérêt vum Bierger ass. Et ass also eng wichteg Saach, wann een dat dote ka maachen, dass een och den Intérêt vum Bierger gesäit an him hëlleft, dass en zu senge Rechter kënnt.

Déi Dispositiounen iwwert d'Verpflichtunge vun dem Statsbeamte ginn also iwwert dat eigentlech eraus, wat den Text seet. Et ass u sech de ganze Comportement, et ass déi Aart a Weis wéi ee sech an der Erfëllung vu sengen Aufgabe behëlt, wéi och de Statsbeamten dobausse gesi gëtt.

Den Text huet am Intérêt vun de Rechter vum Statsbeamten den Harcèlement sexuel et moral ageféiert, wat gutt ass, wou ee sech allerdéngs muss froen, wann deen Text zur Uwennung kënnt, ob dat net zu Schwieregkeete wäert féieren.

Den Text vum Gesetz huet och Dispositiounen iwwert d'Disponibilitéit vum Statsbeamten ageschriwwen, iwwer seng Indépendance, seng Neutralitéit, an en huet domat och gläichzäiteg dat, wat am Text „occupation accessoire" genannt gëtt, méi kloer ëmschriwwen. Dat ass och gutt, well et oft an der Vergaangenheet zu ënnerschiddlechen Interpretatioune geféiert huet.

Esou, wéi de Rapporteur gesot huet, besteet elo d'Méiglechkeet vun engem Ordre de justification. Ee Beamten, dee mengt e wär a sengem Recht, oder wann eng Differenz entsteet tëschent dem Virgesetzten an dem Beamten, kann de Virgesetzten en Ordre de justification froen, fir dem Beamten d'Méiglechkeet ze gi sech ze justifizéieren an déi Aart a Weis wéi e sech beholl huet och duerzeleeën. An déi, déi d'Zeitung vun der CGFP opmierksam gelies hunn, hunn an der leschter Nummer een esou e Beispill kënnen noliesen, wou eng Relatioun tëschent dem Virgesetzten a sengem Beamte vläicht hätt kéinte vermiede gi mat där heiter Dispositioun.

En drëtten Domän op deen ech wëll agoen, dat ass dee vun der Organisatioun vun der Aarbecht. Den Text huet den Télétravail ageféiert. Dee muss weider duerch Modalitéiten ausgedäitscht ginn, allerdéngs huet awer d'Chamber vun de Fonctionnairë schonn drop higewisen, dass et Verwaltunge gëtt, wou den Télétravail besteet, an dass een op déi Experienze vun där Verwaltung, notamment d'Post, kann zréckgräife fir ze gesinn, wéi dat sech entwéckelt huet. Et ass elo virgesinn, dass Projets-pilote solle gemaach ginn. Et ass och wichteg, well hei eng Rei Punkten nach net gekläert sinn, déi och de Rapporteur ugeschwat huet, notamment dee vun der Protectioun vun den Données personnelles.

Dann huet awer d'Gesetz een Domän, dee virun 20 Joer nei an de Statut erakomm ass, wesentlech verbessert, de Congé sans traitement an de Congé pour travail à mi-temps. Et kann een haut soen, dass déi Dispositiounen an deem do Domän voll a ganz akzeptéiert sinn. Wéi se ageféiert gi si waren Appréhensiounen do, zu wat dat géif féieren. Et wat ëmmer geduecht fir d'Relatiounen, déi de Statsbeamte vis-à-vis vun der Verwaltung huet a seng Aufgaben doheem an der Famill an Aklang ze bréngen. Et kann ee soen, dass haut vill Beamte vun deenen dote Mesurë profitéieren an dass et net der Verwaltung geschuet huet, au contraire. Do wou Leit och nëmmen hallef Deeg schaffen, erfëlle se voll a ganz hir Aufgaben, an dofir ass et net méi wéi richteg, dass och elo an deem Text hei verschidde Verbesserungen abruecht gi sinn, notamment dass déi Aktivitéite voll a ganz an als Service intégral considéréiert gi fir d'Avancementer a fir d'Promotioun, an och bei dem Travail à mi-temps eng Period vun zéng Joer fir d'Pensioun.

Déi Verbesserungen, déi d'Regierung abruecht huet an dësem Domän, hunn allerdéngs net dovun ofgehale fir och nach op een neie Wee ze goen, dat ass dee fir de Service à temps partiel anzeféieren, deen et dem Statsbeamten erlaabt 25, 50 oder 75% vun der Tâche complète ze schaffe mat engem deementspriechende Gehalt. D'Prestatiounen, déi mussen allerdéngs deeglech prestéiert ginn, dat heescht, dass een e gewëssenen Deel all Dag nëmme schafft, mä et kënnen awer Ausnahme gemaach ginn, wann den Intérêt du service dat erlaabt. Ausgeschloss vun deene Mesurë sinn d'Stagiairen. Et kann een net e Stage zu 25% maachen oder zu 50%. Wann

dat de Fall wär, wär de Stagiaire amplaz zwee Joer natierlech aacht Joer am Stage, wat ee sech kaum ka virstellen. Ausgeschloss sinn natierlech och déi Leit, déi elo schonn de Congé pour travail à mi-temps oder de Congé sans traitement hunn. Ausgeschloss ginn och d'Bénéficiairë vum Congé parental, deen iwwregens elo an de Statut verankert gëtt an domat fir de Statsbeamte voll a ganz och ka spillen.

Eng Dispositioun, déi och nei erakomm ass, dat ass déi dass déi, déi e Congé sans traitement hunn, déi bis elo weider an der Verwaltung gefeiert si ginn, déi hunn eigentlech den Avancement vun deenen déi hannendru ware blockéiert, an dat huet zu Ongerechtegkeete gefeiert, zu Onrouen och, an dofir ass et gutt dass elo déi Leit hors cadre gesat ginn. Doduerch blockéiere se d'Kolleegen net méi.

Wat och gutt ass, dat ass d'Méiglechkeet fir erëm eran ze kommen. Well dat war eigentlech u sech eng Ongerechtegkeet. A grouss Verwaltungen, wou vill Plazen opginn, war et liicht fir een neie Posten ze fannen, während a klenge Verwaltungen, wou net vill Leit sinn, war et schwiereg fir dass ee Beamten, deen e Congé pour travail à mi-temps hat, erëm ganz konnt schaffen, oder ee Congé sans traitement, dass en iwwerhaapt erëm an d'Verwaltung konnt erakommen. An et sinn der do déi jorelaang gewaart hunn, obscho se erëm hätte kënnen ufänke mat schaffen, bis se erëm an d'Verwaltung konnten zréckkommen, während Kolleegen aus anere Verwaltungen direkt konnten ufänken. Dat ass eng Inégalitéit, déi heimat behuewen ass, déi och behuewen ass doduerch dass d'Méiglechkeet geschaaft gëtt, wann een nom Congé sans traitement erëmkënnt, dass een och e Changement d'administration ka maachen a froe fir an eng aner Verwaltung iwwerzewiesselen. Begréissenswäert ass och de Recyclage, dee fir déi Leit virgesinn ass, déi zréck an d'Fonction publique kommen an do eventuell konfrontéiert si mat neien Aarbechtsweisen, mat neie Gesetzer, fir ze erlaben dass se voll a ganz hir Aufgaben erfëllen, ass et also ze begréissen, dass och hei eng Formatioun virgesinn ass.

Wat d'Aarbechtsregelung ugeet, stong am Regierungsprogramm eng Dispositioun, dass ähnlech wéi bei de Gemengen, wou Biergerzentre geschaaft si ginn, fir dem Bierger méi no ze kommen, fir em och ze erlaben eng ganz Rei Aufgaben direkt op enger Plaz ze tätegen, dat heescht, wann e méi Relatiounen huet mat der Verwaltung, dass en dat op enger Plaz ka maachen. Den Text gesäit näischt dora vir. Et ass awer näischt wat verhënnert, dass d'Regierung och an déi do Richtung géing goen a probéiere géif, op jidde Fall emol duerch Projets-pilotes, fir duerch esou Biergerzentre beim Stat och dem Bierger méi no ze kommen, wat allerdéngs och géif bedeiten, dass d'Aarbechtszäiten eventuell missten e wéineg anescht geregelt ginn, esou wéi mer dat och bei de Gemenge gesinn, wou een eventuell muss och samschdes moies disponibel sinn, wou een och emol iwwert déi normal Aarbechtszäiten eraus muss disponibel sinn, fir am Intérêt vum Bierger eenzel Déngschter kënnen unzebidden an och dem Bierger ze erlaben déi normal Relatioune mam Stat gutt an einwandfrei ze regelen. Well et ass wichteg, dass och de Bierger an direktem Kontakt mat dem Beamte ka kommen an dass de Beamten, esou wéi ech virdru scho gesot hunn, him kann hëllefen eenzel Formulairen oder eenzel Aufgaben ze erfëllen.

E véierten Domän, deen zum Deel nei geregelt ginn ass, dat ass d'Protectioun vum Statsbeamte selwer. De Statsbeamten huet Verflichtunge vis-à-vis vum Stat a vis-à-vis vun der Allgemengheet an op där anerer Säit ass de Stat obligéiert och de Beamten, deen am öffentlechen Déngscht ass, an also am Kontakt ass mat dem Public, ze protégéiere géint eenzel Conduiten, deenen e kann ausgesat sinn, notamment dass e Verleumdungen oder Attacke kann ausgesat sinn. Dofir muss och de Stat seng Beamten a Schutz huelen. Hei kënnt derbäi, dass och de Stat obligéiert gëtt am Fall vun Harcèlement sexuel et moral dem Statsbeamten déi néideg Protectioun ze ginn.

Nei ass och, d'Mataarbechtergespréicher. Allerdéngs esou wéi och d'Beruffschamber et schonn an hirem Avis gesot huet, huet näischt bis elo d'Verwaltunge verhënnert, fir esou Gespréicher ze féieren an et gëtt och eng ganz Rei Verwaltungen, wou Décisiounen am Kontakt tëschent der Direktioun an deenen eenzelne Beamte getraff si ginn a wou och regelméisseg esou Réunioune stattfonnt hunn. Ech mengen, dass dat elo ageféiert gëtt, ass wierklech ze begréissen. Allerdéngs stellt ëmmer nach d'Fro sech: Wat geschitt wann d'Direktioun keng esou Mataarbechtergespréicher féiert? Ass dat eng Ënnerloossung? Ass dat eng Faute grave? Wéi kann een d'Direktioun vun eenzelne Verwaltungen dozou féieren, dass déi do Dispositioun och vum Statut Wierklechkeet gëtt an dass den Dialog tëschent der Direktioun an de Beamten och hiergestallt gëtt.

Ze begréissen ass och d'Schafung vum Délégué à l'égalité entre hommes et femmes. Et sinn déi zwee, well zu enger gudder Gesellschaft gehéiere Mann a Fra, wa se och ënnerschiddlech sinn, si gehéieren allenzwee dozou. Et soll een dat soen an och Männer brauchen heiansdo en Délégué à la protection des chances.

***(Interruption diverses)***

Domat ass d'Fra net ausgeschloss, mä et soll een dat hei net falsch interpretéieren.

E fënneften Domän, wat e bëssen als Haaptpunkt vun där Reform ugesinn ass ginn an och duergestallt gëtt, dat sinn déi disziplinaresch Moossnamen oder d'Änneronge wat d'Disziplinarrecht betrëfft.

Et bien, Här President, ech menge soen ze kënnen, dass zu Lëtzebuerg hei e ganz grousse Prozentsaz vun de Beamte gutt Beamte sinn, an dass een net dat hei elo soll duerstellen, wéi wann hei permanent disziplinaresch Moossname getraff si ginn.

Déi, déi aus der Verwaltung kommen, wëssen dass dat d'Ausnahm ass an dass een eigentlech ka soen, dass méi wéi 95% vun de Beamte gutt Beamte sinn, déi hir Aufgabe voll a ganz erfëllen. Dofir soll een och net, obschonn een hei driwwer schwätzt, awer esou maachen an och eventuell e falscht Bild no bausse ginn, wéi wann dat elo onbedéngt noutwendeg wier, fir do aner Mesuren ze treffen.

Déi Ännerungen, déi geholl ginn, betreffe jo haaptsächlech d'Aféierung vun engem Commissaire, dee chargéiert gëtt mat der Instruction disciplinaire. Déi Mesure ass och vu Gewerkschaftssäit zënter Jorzéngte gefuerdert ginn, aus der Suerg eraus dass och all Beamten, well deeselwechte Commissaire all Affäre soll suivéieren, d'selwecht soll behandelt ginn. Et ass also eng Suerg, eng Egalité de traitement.

Eng zweet Suerg ass déi vun der Indépendance, dass och all Fall mat därselwechter Indépendance, mat därselwechter Suergfalt a mat dem Respekt och vun de Rechter vun deem, deen der Disziplinarprozedur ënnerläit, och jiddereen nom selwechte Mooss traitéiert gëtt.

An dann drëttens, mengen ech, doduerch dass e Beamte chargéiert gëtt, deen haaptamtlech dat do mécht, kënnt et och net méi, wéi dat an der Vergaangenheet ganz oft de Fall war, zu Prozedursfeeler. Well eng Verwaltung, déi ni eng Disziplinaraffär hat, déi op eemol huet missen esou eng Affär lancéieren, do si ganz oft Prozedursfeeler gemaach ginn, déi net am Intérêt vun der Verwaltung a besonnesch och net am Intérêt vun deem war, dee concernéiert war. Dofir ass déi hei Mesure ze begréissen an et kann een och bal nëmmen Avantagen aus där doter Mesure erausliesen.

Wat sinn elo d'Aufgabe vun deem Commissaire? Hie gëtt informéiert an hien informéiert och de Fonctionnaire iwwert d'Prozedur déi uleeft. Dat ass e Grondrecht, dat een huet, dass ee weess, dass eng Disziplinarprozedur ugelaf ass. De Beamte muss doriwwer informéiert ginn. Wann de Commissaire mengt, dass déi Faiten, déi him zougedroe si ginn, net wichteg waren, oder net Ulass ginn zu enger Disziplinarprozedur, da kann en den Dossier klasséieren. Hie kann awer och gläichzäiteg aner Mesuren huelen. Wann e mengt, dass de Beamte misst suspendéiert ginn, kann hie selwer eng Mesure de suspension huelen. Hien instruéiert den Dossier, a wann en der Meenung ass, dass dat wat dem Beamte virgeworf gëtt net esou wichteg war, kann e selwer déi ënnescht Strofe vun dem Avertissement, der Reprimande oder enger Amende, déi net iwwer e Fënneftel vun enger Mensualité brute vum Beamten erausgeet, ausspriechen. Wann en der Meenung ass, dass dat wat dem Beamte virzewerfen ass méi important ass, da gëtt en den Dossier un den Disziplinarrot virun, deen aus Riichteren zesummegesat ass, déi d'Affär, esou wéi dat bis elo de Fall war, instruéieren, déi dann zu enger Schlussfolgerung kommen. Wann de Beamten zu enger méi héijer Strof géif, wann ech emol esou ka soen, condamnéiert ginn, wa vum Disziplinarrot méi eng grouss Strof virgesi gëtt, da geet den Dossier mat där doter Décisioun un de Verwaltungsdirekter zréck, deen dann déi do Décisioun, déi do Entscheedung vum Disziplinarrot exécutéiere muss. Géif en dat net maachen, géif e sech a mengen Ae selwer fautif maachen a kënnt selwer enger Disziplinarprozedur ënnerworf ginn.

Dir Dammen an Dir Häre, Här President, dat sinn déi haaptsächlech Mesuren, déi de Statut betreffen. Et sinn dann an deem heite Gesetz awer och Mesurë geholl ginn iwwert d'Pensiounen. Do wëll ech ganz kloer soen, dass wann och 1998 Mesurë getraff gi si fir de Pensiounsregime vun de Statsbeamten ze änneren, da wëllt dat awer net heeschen, dass déi Gesetzer do net kéinte verbessert ginn.

De Statsbeamten, och deen deen ënnert deen ale Regime fält oder ënnert de Régime transitoire, huet d'Recht, wa vis-à-vis vum neie Regime oder vis-à-vis vun dem Régime de pension générale, deen och am Secteur privé Gültegkeet huet, Änneronge kommen déi wesentlech sinn a wou och de Statsbeamten e Recht drop huet, dann ass et net méi wéi legitim, dass och d'Gesetzer iwwert d'Statsbeamten an deem Sënn ugepasst ginn. Wat déi Décisiounen ugeet, déi am Zesummenhang mam Rentendësch a mat der Unerkennung vun de Babyjore getraff gi sinn, esou hu selbstverständlech och d'Statsbeamten déiselwecht Rechter.

Ech gesinn net wéi een deene Leit, déi am Intérêt vun der Allgemengheet stinn, déi dote Rechter kéint refuséieren. Duerfir sinn och déi Verbesserungen, déi getraff gi sinn, déi och de Rapporteur schonn exposéiert huet, an deem Sënn ze begréissen.

Et sinn, an domat wëll ech ofschléissen, e puer Mesuren aus dem Gesetzesprojet erausgeholl ginn, zum Beispill de Bénévolat, wou och d'Kommissioun vun Ufank un der Meenung war dat wier am Statut e Friemkörper an en hätt och mat all deene Schwieregkeeten, déi dat stellt a gestallt hätt, näischt am Statut verluer. Duerfir ass och ze begréissen, dass en no dem Avis vum Statsrot aus dem Statut erauskomm ass.

En zweeten Deel, deen erausgeholl ginn ass, ass dee vun der Nominatioun vun de Beamte mat Responsabilité particulière op Zäit, wou Nominatioune vu bis zu siwe Joer virgesi waren. U sech ass dat eng Dispositioun, déi eigentlech mat der Grondopfaassung, wéi mir se haut vum Statut hunn, net ze vereinbaren ass. Mir hunn zwar eenzel Verwaltungen, wou esou Nominatioune gemaach ginn, allerdéngs kennen ech kee Fall deen opgrond vun deene partikuläre Gesetzer genannt ginn ass, deen net méi genannt gi wier. Déi sinn ëmmer erëm nei genannt ginn an et huet sech och ni d'Fro gestallt: Wat geschitt wann hien eng Kéier net méi genannt gëtt, obschonn hien nach net am Pensiounsalter ass?

Et feelen eis an deem doten Domän eigentlech déi néideg Kritären. Wann een der Meenung ass, dass een awer op deen dote Wee goe soll, dass dat dee richtege Wee wär fir déi héijer Beamte méi staark an d'Responsabilitéit eranzehuelen, fir se méi ze motivéieren, da muss een natierlech dat ausféierlech diskutéieren. Et muss een dat mat alle Konsequenze gesinn. Duerfir ass et och ze begréissen, a meng Partei begréisst dat och, dass d'Regierung bereet war fir deen doten Deel aus dem Gesetz emol erauszehuelen an en neien Text ze presentéieren, dee mer dann an aller Rou an net an der Hetz diskutéiere kënnen, wou mir och gesi kënnen, wa mir e sollte stëmmen, ënner wéi enger Form dass e géif gestëmmt ginn a mat wéi enge Kritären a mat wéi enge Rechter och déi Leit do hir Ernennung oder Net-Ernennung kréie géifen.

Schlussfolgernd, mengen ech, kann ee soen: Deen Text, dee mir haut diskutéieren an iwwert dee mir ofstëmme wäerten, ass e gudden Text. E moderniséiert de Statut. E gëtt de Beamten zousätzlech Rechter. E leet hinnen och compte tenu vun der Experienz nei Verpflichtungen op. Et kann ee soen, an domat wäert och ofschléissen, dass et wënschenswäert wär, wann deen Text eng large Majoritéit géif fannen. Op jidde Fall kann ech hei d'Zoustëmmung vun der CSV zu deem doten Text bréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Kolleeg Paul-Henri Meyers direkt bezunn op säi Wonsch soen, dass och eis Fraktioun deen heiten Text stëmme wäert, net well en e grousse Worf vun dëser Regierung wär, mä well e bei alle Mängel eng Rei vu Verbesserunge fir d'Fonction publique bréngt, déi mer der Fonction publique net wëlle virenthalen.

Et ass keng legislativ Glanzleeschtung mat där mer hei konfrontéiert sinn, well déi Aarbechten, déi hei gelaf sinn, an och den Text wéi en hei presentéiert gëtt, si gekennzeechent vun enger Rei vu Verspéidungen, vun doublen Emploien, vu Mesuren, déi onvirbereet no enger zweeter Phas vun Diskussiounen erakomm sinn, si gekennzeechent vun engem Rekord vun Oppositions formelles vum Statsrot a sinn net gekennzeechent, an do brauch een nëmmen den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires nozeliesen, vun Dialog an Transparenz.

Doriwwer kann ee sech awer wonneren, well mer an deene regelméissegen Entrevuen, déi all grouss Parteien hei am Haus mat där representatiivster Gewerkschaft am Secteur public, der CGFP, huet, a viru ronn zwee Joer d'Impressioun haten an och kritt hunn, dass d'Regierung sech eens war mat der CGFP iwwert den Inhalt vun dësem Projet. Mir ware wahrscheinlech grad esou iwwerrascht wéi déi Betraffen, dass ëmmer nei Mesuren erakomm sinn, dass net ofgeschwate Mesuren erakomm sinn, déi dann och déi Contestatioun bruecht hunn, dee relativ schaarfen Toun bruecht hunn, insbesondere am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires, wéi mir e kennegeléiert hunn.

Déi legislativ Aarbecht ass och gekennzeechent, wéi ech gesot hunn, vun neien Iddien, wou d'Regierung en neie Wee goe wollt, déi awer bal ausnahmslos d'Hürd vun de berodenden Instanzen net geholl hunn. Ech schwätze vun den Iddie vun der Regierung a Saachen Aarbechtsrecht, a Saache Bénévolat, a Saachen Durée déterminée fir d'Nominatioun vun de Postes à responsabilité, tous azimuts, net nëmmen um politeschen, mä och um administrative Plang.

Dann de Projet vun der Regierung fir d'Allocation de famille op fräi Partnerschaften auszedehnen, deen net virbereet war an doduerch huet missen zréckgezu ginn, och wann d'Iddi eng gutt war. Dann eng Rei vun anere Projeten oder Iddien, déi un den Oppositions formelles vum Statsrot gescheitert sinn.

Guer net ze schwätzen, nach eng Kéier, vun deem doublen Emploi, dee geschitt ass, a Saachen Deelzäitaarbecht, wou en Accord mat der Fonction publique fonnt gi war 2002 fir déi Deelzäitaarbecht vu 25, 50 a 75% anzeféieren, wou d'Chamber hei e Projet de loi gestëmmt huet fir dat esou schnell wéi méiglech kënnen ze maachen, wou mir eis un d'Reprochen an un d'Awänn vum Conseil d'Etat erënneren, mä wou d'Regierung gesot huet: „Mir packen dat!“, an de Projet hei der Ofstëmmung virbruecht huet, de Segen och bal unanime vun der Chamber kritt huet an dunn herno festgestallt huet, dass hiren Text net exécutabel war, well eng Rei vu Saachen hätte missen iwwer e Règlement grand-ducal geregelt ginn, déi awer a Wierklechkeet iwwer e Gesetz geregelt musse ginn.

An deem dote Beräich hu mer e Retard vun zwee Joer kritt, dat heescht zwee Joer laang hunn d'Leit op déi heite gutt Mesure am Intérêt vun der Conciliatioun vum Beruffsliewen an der Famill misse waarden, bis dass mir dann elo hoffentlech deen Text hunn, dee mar, wann d'Gesetz applicabel gëtt, och kann an d'Praxis ëmgesat ginn. An den Diskussiounen, déi mir haten, sinn eng Rei vu Froen op bliwwen.

Et muss ee feststellen, dass déi Aart a Weis, dat Formaalt, wat mer bei dësem Projet erlieft hunn, net dozou bäigedroen huet fir den Image oder dee Glanz vun de Responsabelen an dem Ministère de la Fonction publique, haaptsächlech och vun deene politesche Responsabelen an deem heite Beräich opzepoléieren, wou mer wëssen a wou mer erlieft hunn an deene leschte Joren, dass et eng grouss Differenz zwëschent Usproch a Wierklechkeet gëtt. Mir hunn erlieft, dass d'Praxis e bëssen aneschters ass wéi d'Oppositiounstheorie, an dat kann ech un enger Rei vu Beispiller illustréieren.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

D'Pensiounsreform vun 1998, déi strikt vun der liberaler Partei ofgelehnt ginn ass, ass net méi a Fro gestallt gi beim Antrëtt an d'Regierung. Mir hu virun enger Rei vu Méint d'Explicatiounen dofir kritt vum Här Rippinger. Mä no dem Vote vun dësem Statut a mat der Transpositioun vun de Mesurë vum

Rentendësch an dem Régime transitoire kann een net méi nëmme soen, dass keng Oppositioun méi do ass oder dass se net réckgängeg gemaach ginn ass, mä dass an der Zwëschenzäit déi liberal Verantwortlech déi Pensiounsreform akzeptéiert hunn an och eng Rei vun Adaptatioune maachen, net ze schwätze vun der versprachener Gehälterrevisioun vun 1999, wou virun e puer Méint, nodeem se ugekënnegt war, se mat dräi Häre begruewe ginn ass, wou dann elo d'Explicatioun kënnt, déi wirtschaftlech Situatioun ass net esou dass mer kënnen eng Gehälterrevisioun maachen. Mä mir wären net an déi dote wirtschaftlech Situatioun erakomm mat der Gehälterrevisioun, wann net während annerhalwem Joer quasi Funkstille an deem dote Beräich gewiescht wär, eng Kommissioun désactivéiert ginn ass, an och haut kann een duerchaus iwwer eng Revisioun diskutéieren, net nëmme fir Leit an der Hierarchie ze hiewen, mä fir reell existéiernd Problemer um Terrain unzegoen. Ech schwätzen nëmme vun deem leidege Problem vun den Techniker. Also ugekënnegt, net realiséiert, an elo soll déi nächst Regierung dat nom Joer 2007 maachen.

An der Réforme administrative, soe mer et wéi et ass, ass d'Regierung stieche bliwwen. Si huet eng Rei vu Mesuren entaméiert, mä ausser enger ganzer Rei vun Etüden oder Auditen ass an der Praxis näischt passéiert, besonnesch net do, Här Statssekretär, an do bieden ech lech dat nozekucken, wou et de Clienten am wéisten deet, do wou de Client de Kontakt sicht an e ganz oft net fënnt, well eenzel Administratiounen ënnerbesat sinn oder well eenzel Abteilungen net dat Personal hunn, dat si brauche fir ze fonctionnéieren.

E ganz leidegt Beispill - wann Der wëllt kann ech lech et virspillen, Der kënnt awer och den Telefon dréinen - ass dat Beispill vun der Caisse des allocations familiales, wou Der urufft a wou Der gesot kritt, mir ginn esou vill ugeruff, dass eis Leitungen all besat sinn. Op dräi Sprooche ganz gentillement. A wann d'Spréchelche laanscht ass, da gëtt agehaangen. Dat heescht am Kloertext, rufft net méi bei eis un, kommt an de Schalter. A wa se dann alleguerten an de Schalter ginn, da fäerten ech, dass enges gudden Dags gesot gëtt, et kommen ze vill Leit bei eis an de Schalter, elo musse mer och de Schalter zoumaachen.

Dat sinn déi Saachen, déi de Leit extrem wéi dinn, wa se an enger Waardeschläif dra sinn an et hëlt kee se. Dat si Klengegkeete vläicht. Mä déi Klengegkeeten, déi si méi wichteg fir den Image vun der Fonction publique wéi dee sechsten Audit, deen an engem Tirang lannt.

Wann ech gelift, Här Statssekretär, kuckt lech déi dote Saachen un. Dir hat et jo richteg ugepaakt mat Ärem Numéro vert, mä ech mengen de Numéro vert huet déi dote Problemer net konnte léisen.

Dann déi eng Rei vu Verspriechen, déi am Rahme vun de Verhandlungen iwwert déi successiv Gehälterofkommes gefouert gi sinn, a wou wuel dee Wichtegsten an den Ae vun der Fonction publique deen ass vum Statut vun de Mataarbechter vun den Etablissements publics. Do hunn ech mat ganz groussem Interesse gelies gehat an deem leschten Accord salarial, dass d'Regierung der CGFP versprach hat fir de Statut public vun deene Beamten ze garantéieren.

Ech hu mer och erlaabt eng Question parlementaire ze stellen. Ech hu bis elo keng Äntwert. Ech géif gär wëssen, nodeem mer och alleguer zesummen op därselwechter Conférence des Comités souzen, wou déi Responsabel vun der CGFP dat gleewen, wat Der hinne gesot hutt, wéi séier dass mer dat doten dann elo kënnen an d'Praxis ëmsetzen, well dat ass ee vun dene Punkten déi wéi dinn an déi a Richtung schläichend Privatiséierung ginn, wou ech nach eng Kéier drop zréck kommen. Datselwecht bei der Altersteilzeit, wou d'Regierung der representatiivster Gewerkschaft versprach hat, a wou mer bis elo näischt dovu gesinn hunn. Altersteilzeit net ze verwiessele mat Verlängerung vun der Aarbechtszäit am Alter, mä éischter a Richtung progressiven Antrëtt an d'Pensioun.

Wou, Här Statssekretär, sinn d'Viraarbechte vun der versprachener Pension complémentaire fir de Secteur public, ugekënnegt am Accord salarial vun 2000? Elo virun e puer Méint si mer gewuer ginn, dass een näischt ka maache bis 2003, bis dass d'Statistiken do sinn. Wann dat esou offensichtlech ass, firwat versprieche mer dann esou eppes schonn 2002, wa mer et eréischt 2003 kënnen halen.

Ech hunn et schonn ugedeit, déi schläichend Privatiséierung mat där mer an der Fonction publique konfrontéiert sinn, a wou ech ganz frou wär, wa mer déi Statistiken, déi Der amgaang sidd opzestelle bei den Aarbechter, mä awer och bei de Beamten, bei de Privatbeamten a bei Firmen, déi lues awer sécher de Wee an de Stat erafannen, well se méi bëlleg kënne schaffen a wat mer speziell bei deene sougenannte „petites mains" fannen, wou een éischter bereet ass ze privatiséiere wéi bei héich spezialiséierte Beamten.

Dir gesidd also, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Praxis gesäit leider e bëssen aneschters aus wéi d'Oppositiounstheorie, a well mir dat wëssen, dass een an der Oppositioun net ze vill soll verspriechen, mä dass een herno och doru gemooss gëtt wat ee realiséiert, hu mer eis net an eng Surenchère an der Fonction publique lancéiert, hu mer eis net et einfach gemaach an duebel esou vill ze fuerdere wéi ee ka realiséieren, mä mir hunn an eisen Aarbechtsgruppen, ënner anerem am Cercle Paul Wilwertz, eng Réflexion de fond gemaach iwwert d'Zukunft vun der Fonction publique, iwwert d'Zukunft vun de Fonctionnairen, iwwert d'Zukunft vum Service public.

Mir hunn deen éischte Volet vun eisen Aarbechte schonn op den Dësch geluecht a mir wäerten deen zweete Volet vun eisen Aarbechten an deenen nächste Wochen op den Dësch leeën, well mer eben iwwerzeegt sinn, dass et zwar gutt ass wéi an dëser Period geschitt ass, dass d'Fonction publique un der wirtschaftlecher Evolutioun bedeelegt ass - an da soen ech et nach eng Kéier, fir dass keng Mëssverständnisser opkommen, well et eng Kéier falsch interpretéiert gi war -, mä dass d'Fonction publique e bësse méi subtil ass wéi e Geldautomat, wou ee just brauch uewe Geld eran ze schëdden an automatesch ënne Stëmmen eraus kommen. D'Fonction publique ass méi subtil wéi dat, a si erwaart och Äntwerten op déi kruzial Froe mat deene se konfrontéiert ass. Do ass se bis elo op hirem Appetit stoe bliwwen.

***(Interruption)***

Ech sinn ëmmer dankbar fir esou Zwëscheriff vun lech, Här Graas, wann Der un déi viregt Period erënnert. Mir hunn d'Responsabilitéit dovun iwwerholl. Mir hunn och d'Quittung do dovu kritt.

***(Interruption)***

Är Quittung steet nach bevir, wann een de Leit dat blot vum Himmel versprécht. Dir hutt et mat Leit an der Fonction publique ze dinn, déi wuel gutt kënnen discernéieren zwëschent deem wat versprach ass a wat gehale gëtt. An Är Ministesch vun der Fonction publique seet jo ëmmer esou schéin: Versprach ass versprach a gëtt net gebrach. Abee, an der Fonction publique ass et immens einfach de Bilan ze maache vun deem wat vun lech versprach ginn ass a vun deem wat vun lech gebrach ginn ass. Dofir kuckt net an d'Vergaangenheet, mä kuckt an d'Zukunft, well den Avenir, dat hunn Är Leit jo scho gesot, den Avenir, dee läit an der Zukunft.

***(Interruptions)***

Mir haten eis, Här Graas an Här Minister, eng fundamental Réflexioun iwwert de Stellewäert vun der Fonction publique an iwwert d'Roll vum Stat am Rahme vun dësem Statut erwaart. A genee dat hat de Conseil d'Etat sech och erwaart. De Conseil d'Etat hat sech déiselwecht Réflexion de fond erwaart. D'Regierung hat dat och ugekënnegt an hirem Exposé des motifs. Si hat ugekënnegt, si géif eng vaste oeuvre de réforme duerchzéien. A sengem Avis mengt awer de Conseil d'Etat, dass dës Reform sech charakteriséiert duerch „l'absence d'un fil conducteur d'un projet d'ensemble pour la fonction publique". Dat sinn haart Wierder. De Conseil d'Etat seet net et wäre keng positiv Mesuren dran. Dat soe mir och net. Dat wat iwwreg bliwwen ass, kënne mer wäitgehend ënnerschreiwen. Mä de Projet ass kritikabel virun allem duerch dat wat net dran ass a wat net konnt dra geregelt ginn. De Conseil d'Etat vermësst also eng déifgräifend Réflexioun. An der Praxis huet sech déi méi reservéiert Haltung vum Conseil d'Etat mat sengen Oppositions formelles, et waren der aacht an eng hallef bis néng, ausgedréckt.

An dee leschten Avis, Här Statssekretär, ech weess net ob Dir et fäerdeg bruecht hutt fir dat, wat am leschten Avis festgehale ginn ass vum Conseil d'Etat, ze entkräften. Well a sengem leschten Avis seet de Conseil d'Etat, dass e Problemer huet fir deen doten Text, wéi en elo virläit, kënnen ze akzeptéieren, wat d'legistesch Form ugeet an och wat den Opbau ugeet. Ech hoffen, datt an deene Propositiounen, wat den Textopbau ugeet an och wat den Titel ugeet, dem Statsrot konnt Rechnung gedroe ginn, well soss riskéiere mer, trotz all deem wou mir eis beweegt hunn, dass de Projet nach eng Kéier ofgeblockt gëtt. An nodeem mer esou vill Zäit heimat verluer hunn, kënne mer eis et einfach net méi erlabe fir zousätzlech Zäit ze verléieren.

Ongewinnt kritesch, dat muss ee soen, waren och d'Téin vun der Chambre des Fonctionnaires. Do war Rieds, am Zesummenhank mat eenzelnen Dispositiounen, vu Violatioun vun Accords salariaux, ënner anerem bei der Altersteilzeit a beim Bénévolat, eng Mesure déi d'Regierung abruecht huet ouni mat iergendengem ze schwätzen a wou keen heibannen an och keen dobausse genee verstanen huet wat domat viséiert war. Et war gesot ginn, dat wier virun allem fir de soziale Beräich. Et ass eppes ganz Breedes, a wa mer de Bénévolat wëlle regelen, ënner anerem mat Assurancen, well dat war viséiert, da solle mer dat fir de ganze Bénévolat maachen. Dann hu mer méi wéi genuch ze dinn, amplaz hei fir zwee oder fir dräi Leit, déi een hätt kënne mam Numm nennen, déi viséiert waren, eng extra Wurscht ze schafen, a wou d'Chambre des Fonctionnaires och dat gesot huet wat sech do opgedrängt huet. D'Chambre des Fonctionnaires huet gemengt, dass déi „proposition d'une telle absurdité" wär, dass d'Chambre des Fonctionnaires sech iwwerhaapt net mam Reglement géif ausenanersetzen.

Déiselwecht Chambre des Fonctionnaires war an hirem zweeten Avis déif enttäuscht, dass déi Propositiounen, déi se gemaach hat, sech net méi an den Amendementer vun der Regierung niddergeschloen hätten.

An et muss ee soen, Här Statssekretär, dass eréischt wéi dee vernichtenden Avis eigentlech vum Conseil d'Etat komm ass, deene gudde Suggestioune Rechnung gedroe ginn ass, déi zum Beispill am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires dra waren, deene berechtegte Kriticken, déi am Avis vun der Chambre de Travail an des Employés privés dra waren, an deene Kriticken, déi an der Kommissioun formuléiert gi sinn. An do kënnt Der, mengen ech, net soen, dass mer net probéiert hu konstruktiv matzeschaffen. Mir sinn net mat alles duerchkomm, mä bon, dat ass eben d'Spill vu Majoritéit an Oppositioun. Mä mir hunn eis et sécher net einfach gemaach, an einfach Kritik wéinst der Kritik hei ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann elo, nodeem ech de Statut e bëssen an den allgemenge Kontext gestallt hunn, eppes méi Schwiereges maachen, well ech hei gläichzäiteg och fir mäi Kolleeg, de Jempi Klein, soll schwätzen. De Jempi hat en Accident, an e kann haut net untrieden, mä en huet awer als fläissegen Deputéierte seng Aarbecht gemaach, an en huet mech gebiede fir seng Interventioun zu deem Deel, wou hien d'Responsabilitéit bei de Kommissiounsaarbechten hat, hei virzedroen. An deenen nächste Minutten, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wäert also de Jean-Pierre Klein schwätzen. Ech hunn ebe Schwieregkeete fir Dr. Jeckyll a Mr. Hyde ze spillen. Elo schwätzt dann de Jempi a méi engem doucen Toun.

***(Interruption)***

Also, ech hunn domat guer kee Problem. Här Rippinger, wann Der drop insistéiert, dass ech no lech schwätzen, ginn ech mech direkt erëm sëtzen.

M. Jean Paul Rippinger *(DP).-* Ech loossen lech! En ass net esou polemesch wéi Dir.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP), en remplacement de M. Jean-Pierre Klein.-* Dat ass ganz léif vun lech. Elo schwätzt also de Jempi Klein.

D'Fonctionnairë vum Stat, am Géigendeel zu anere Statsagenten, an am Géigendeel zu dem Privatsecteur, si bekanntlech net kontraktuell un de Patron Stat gebonnen, dat duerch hir speziell Situatioun, déi sech aus der Ausféierung vun hire Missiounen am öffentlechen Déngscht ergëtt.

Jiddfereen, deen de Choix trëfft fir eng administrativ Carrière beim Stat unzetrieden, weess wat fir Rechter a Flichte beim sengem Untrëtt op en zoukommen. Déi sinn intangibel a kënnen net am géigesäitegem Averständnis vu Patron a Salarié ofgeännert ginn. Eleng dem Législateur ass et virbehalen un deene Konditiounen ze réckelen, wann e gesäit dass se net méi un d'Zäit ugepasst an ännerungsbedürfteg sinn, sief et aus sozialen, wirtschaftleche Grënn oder dass d'Applikatioun vun deene bestoende Bestëmmungen erfahrungsgeméiss net méi stand hält.

De Statut, deem d'Fonctionnairen ënnerleien, ass also duerch seng Stabilitéit markéiert, a jiddfer Client oder Notznéisser vum Service public weess vu vireran, wat fir Rechter an Obligatiounen dass de Fonctionnaire huet. De Fonctionnaire ass also an enger statutarescher a reglementarescher Situatioun, Statut dee vum Législateur arrêtéiert gëtt, Dispositiounen déi, wann noutwendeg, kënnen duerch Reglementer ëmgesat ginn. Aus dem legalen a reglementaresche Charakter vun der Situatioun vum Fonctionnaire ergi sech fir hie wichteg Konsequenzen. Zum Beispill, den Inhalt vun der Situatioun vum Fonctionnaire ass vu virera generell an onperséinlech duerch Gesetzer a Reglementer festgeluecht. En ass deeselwechte fir all Fonctionnaire, spezial Konventiounen tëschent der Verwaltung an dem Fonctionnaire hu kee rechtleche Wäert. De Fonctionnaire kann de Stat belaangen, wann e sech benodeelegt fillt, an déi administrativ Geriichter sinn zoustänneg an esou Fäll.

Eis Fonction publique hei zu Lëtzebuerg ënnerläit deem allgemenge Statut, dem Code vu Rechter a Flichte vun 1979, deen allerdéngs säithier schonn öfters ofgeännert ginn ass. Et ass am Fong de Fonctionnairen hiert Grondgesetz gepräegt vu fundamentalen Dispositiounen, déi seng absolut Wichtegkeet ausmaachen. Den aktuelle gültege Statut ass reformbedürfteg a muss un déi jëtzeg Gegebenheeten ugepasst ginn. Ausserdeem mussen eng Rei vu Moossnamen aus deene successive Gehälteraccorden endlech ëmgesat ginn.

D'Regierung hat bei hirer Untrëttserklärung vun 1999 d'Reform vum Statsbeamtestatut grouss ugekënnegt. Den Exposé des motifs vun deem Projet de loi, dee mer elo hei behandelen, huet dat och nach eng Kéier bestätegt, andeem dass geschriwwe steet: „Le Gouvernement se propose d'introduire par le présent projet de loi une vaste oeuvre de réforme dans les relations de travail entre les fonctionnaires et l'Etat patron". Esouwäit zum Usproch, an de Jempi Klein seet, d'Realitéit gesäit aneschters aus, well de Bierg huet eng Maus gebuer, a vum ursprüngleche Projet, fir deen d'Regierung Verantwortung hat, sinn eng ganz Rei vu Saachen no kriteschen Avisen erausgeholl ginn. An dat, seet de Klein Jempi, wat net mat der CGFP ofgemaach war, ass herno opgrond vun den Avisen erausgeholl gi vun der Regierung.

D'Konklusioun, déi d'Regierung kann huelen, läit op der Hand, an déi Konklusioun déi…

***Interruption***

Selbstverständlech, neen, dat ass textuell hei de Jempi.

Zréckbehale goufen eng Rei vu Punkten, wou och mir näischt drun ze kritiséieren hunn an déi gutt Innovatiounen duerstellen, wéi d'Eropsetze vun der Limite d'âge vu 40 op 45 Joer fir beim Stat agestallt ze ginn, eng zousätzlech drëtt Chance beim Promotiounsexamen no engem zweeten Echec, nei Regelunge vun enger Rei vu Congéen, de Verbuet vum Harcèlement moral, wou ee sech allerdéngs d'Fro muss stellen, firwat dass et an dësem Projet ouni weideres méiglech ass fir hei eng wichteg Neierung ze bréngen an dass et am Privatsecteur méi problematesch ass fir esou eng Regelung ze bréngen, esou erlieft bei der Proposition de loi vum Kolleeg Lux, wou d'Regierung en negativen Avis bruecht huet.

Ech mengen, do si mer an eisem Rôle wa mer dofir antrieden dass d'Regelungen an dem Secteur public an am Secteur privé, besonnesch an esou Beräicher, esou no wéi méiglech beiënee sinn.

De Prinzip vun der Aféierung vum Kontrolldokter an d'Organisatioun vun der Aarbechtsmedezin, wou mer an der Praxis - an ech kommen herno nach eng Kéier dorop zréck - léiwer gesinn hätten, wa mer do méi courageiert gewiescht wären, dat heescht e Maximum u Sécherheet fir d'Gesondheet vun de Fonctionnairen duerchzesetzen amplaz hei mat engem minimalistesche System eis ze begnügen. Dann nach den Délégué à l'égalité des chances selbstverständlech an d'Regelung, soufern se zréckbehale ginn ass, vum Télétravail.

Ech erlabe mer fir duerch déi Neierungen ze goen an e puer Punkten erauszehuelen a se méi genee ze beliichten. Bis elo war et jo esou wéi et sech och aus der Definitioun vum Fonctionnariat erginn huet, datt eng vun den Haaptcharakteristike vum Fonctionnaire d'Permanenz vu senger Plaz, vu sengem Emploi war. De Fonctionnaire ass definitiv bis un d'Enn vu senger Carrière op e Poste genannt ginn,

à moins datt hien iwwer en Diziplinarverfahren oder op Demande am Kader vum Changement d'administration eng Versetzung, respektiv d'Nominatioun op en anere Poste kritt huet. Hien hat also seng Nomination à vie.

Dëse Projet de loi hat mat dësem sakrosankte Prinzip gebrach, an zwar war et virgesinn, datt et Poste géif ginn, déi duerch e Règlement grand-ducal opgezielt géife ginn, Postes à responsabilité particulière ouni Differenz zwëschent politesche Posten an administrative Posten, esou wéi se vun den Auteure vum Projet de loi genannt gi sinn, déi nëmmen op bestëmmten Zäit, op siwe Joer, besat gi wären. Déi Leit, déi also esou Poste bekleeden oder bekleet hätten, wären an enger prekärer onsécherer Situatioun par rapport zu deenen anere gewiescht, och wann hir Nominatioun hätt kënne verlängert ginn. Dat wier also virun allem emol a Contradictioun zu deem allgemenge Prinzip vun der Nomination à durée indéterminée vun engem Fonctionnaire.

Dogéint hu sech zu Recht de Conseil d'Etat an och d'Chambres professionnelles gewiert, besonnesch d'Chambre des Fonctionnaires. D'Regierung huet deenen dote Kriticke Rechnung gedroen an huet deen Deel vum Projet zréckgezunn, mat der Ukënnegung, dass se en extrae Projet de loi géif virleeën, wou dat geregelt géif ginn.

Dat ass ze begréissen, dass deen Deel aus dem Projet zréckgezu ginn ass, mä ech kann awer ukënnegen, dass wann et net zu enger fundamentaler Reorientatioun vun deenen doten Dispositioune kënnt, d'LSAP géint déi doten Dispositioune stëmme wäert. Mir hunn näischt dergéint, dass een eng Rei vun…

***(Interruption)***

…- seet den Här Klein - Poste kann à durée déterminée besetzen, mä dat misst sech awer limitéieren op déi politesch Posten. Dir verstitt, wat ech mengen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* D'Conseillers de gouvernement.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP), en remplacement de M. Jean-Pierre Klein.-* Selbstverständlech, Här Krecké, sech beschränken op d'Conseillers de gouvernement, insbesondere op déi, déi mat deene jeeweilege Regierunge kommen.

Se mussen net goen, wa se d'Vertraue vun deene successivë Regierungen hunn, mä dat ass awer eng Méiglechkeet, wou et zumindest e Sënn ergëtt. Dee Sënn, seet de Jean-Pierre Klein, gëtt et net bei deenen administrative Filièren an och net an den Direktioune vun de Verwaltungen, wou eng wäitgehend Continuitéit muss geséchert ginn a wou ee muss verhënneren, dass et dem Pouvoir discrétionnaire vun dem Politiker oder sengem verlängerten Aarm iwwerlooss ass fir eng Erneierung vun där Nominatioun ze maachen oder net.

De Jempy Klein begréisst et fir den Admissiounsalter fir bei de Stat als Fonctionnaire ze kommen op 45 Joer ze definéieren. Am Prinzip gëtt et dozou keng Derogatiounen, ausser datt en aussergewéinlech dichtege Salarié vu baussen erageholl gëtt. Dee brauch iwwerhaapt keng Konditiounen ausser senger héichkaräteger Capacitéit ze hunn. Dat ass, seet de Jempy Klein, eng Diskriminatioun par rapport zu all deenen anere Kandidaten. Do kann also de Conseil de Gouvernement astelle wien hie wëllt, ouni objektiv Kritäre brauchen unzeleeën. Dat kann, seet de Jempy Klein, zu Abüe féieren. Fir déi Leit sollen déiselwecht Konditiounen ziele fir agestallt ze ginn, quitte datt ee bei der Altersgrenz kéint iwwer eng Flexibilitéit an och bei der Computatioun vun de Jore kéint diskutéieren.

Wann ee fir d'zweet de Promotiounsexamen net gepackt huet, da kritt een eng lescht Chance, an zwar fënnef Joer no deem leschten Echec an nodeem een eng spezial Formatioun am INAP matgemaach huet. Dat ass en faveur vum Fonctionnaire, deen eventuell Pech hat an deen duerno nach konnt déi néideg Erfahrungen a sengem Service sammelen, fir e Succès kënnen ze hunn, nodeem datt hie sech och nach an de Formatiounscoursë konnt anstänneg op e Succès preparéieren.

Den Délai d'attente fir eng Promotioun am Cadre fermé ass op e Joer festgeluecht ginn. Dat huet an der Vergaangenheet zu Prozesser Ulass ginn an et ass gutt dass et elo gesetzlech geregelt ass. Esou wéi d'Chambre professionnelle drop insistéiert huet muss dofir gesuergt ginn, datt bei Promotiounen am Cadre fermé den Tableau d'avancement strikt agehale gëtt, soss huet et kee Sënn dass esou en Tableau opgestallt gëtt.

De Congé sans traitement an de Congé pour travail à mi-temps, ob de Fonctionnaire e Recht drop huet oder ob d'Verwaltung kann disposéieren, sinn nei aménagéiert ginn. Ënner anerem kënnen déi zwee Congéë fir eng bestëmmten Dauer ugefrot ginn an ënnerbrach ginn. Bis elo ass et jo esou: «sauf circonstance exceptionnelle constatée par le gouvernement en conseil il ne peut prendre fin avant son terme, ni être renouvelé». De Pouvoir lié vun der Regierung ass also erausgeholl ginn. D'Verwaltung huet elo e Pouvoir discrétionnaire fir dëse Congéë virzäiteg en Enn ze setzen an de Fonctionnaire brauch keng Circonstance exceptionnelle méi nozeweisen.

Ëmmerhin ass et awer nach der Verwaltung iwwerlooss fir ze kucken, ob den Intérêt vum Service et erlaabt fir den Demandeur éischter erëm an den Déngscht ze huelen, an dat wäert jo net ze strikt gehandhabt ginn. D'Motivatioun vum Demandeur wäert do eng wichteg Roll spillen, esou wéi dat och schonn de Fall war, wann aussergewéinlech Ëmstänn hu musse geltend gemaach ginn.

Vergläicht een déi zwee Congéen, de Congé sans traitement an de Congé pour travail à mi-temps, déi zu deeneselwechten Zwecker kënnen ugefrot an accordéiert ginn, esou stellt ee fest, dass ee beim Congé sans traitement de Fonctionnaire eng aner bezuelten Aktivitéit am Sënn vum Artikel 14.5, oder ass et den Artikel 145, ech gesinn dat hei net - Wat fir een ass et, de 14.5 oder den 145? -, …

***(Interruption)***

Ech kann den Här Klein net froen, well deen ass leider am Congé de maladie.

***(Hilarité et interruption)***

…vum Statut kann ausüben, wou de Bénéficiaire vum Congé pour travail à mi-temps dat awer net däerf. Dozou géing den Här Klein wëlle vun der Madame Minister oder vum Här Statssekretär wëssen, wéi déi Differenz ze explizéieren ass.

***(Brouhaha général)***

Bei dëser Geleeënheet wollt den Här Klein och op d'Iwwergangsbestëmmung agoen, déi seet, dass déi Leit, déi virun 1984 hu missen démissionéieren, well kee Congé sans traitement ënnert deenen heitege Konditioune konnt accordéiert ginn, elo erëm kënnen zu Recht ënner favorable Konditioune réintegréiert ginn.

Dat ass absolut positiv. Mir stellen eis zesummen, den Här Klein an ech, awer d'Fro, firwat dass dat net och fir déi Zäit no 1984 gëllt, well och do eng ganz Rei vu Leit nach hu missen démissionéieren am Intérêt vun hirer Famill, well se eben dee Congé sans solde net accordéiert kruten. Dat heescht also do gëtt et zweeërlee Mooss a Gewiicht. An deenen doten zwee Fäll misst et kënnen e Parallelismus ginn.

Dann déi Neierung bei der Deelzäitbeschäftegung, dem neien Artikel 31.1 vum Statut. Ënner Ausschloss vu verschiddene Kategorië vu Fonctionnairë kann op Demande hin eng Deelbeschäftegung vu 25, 50 a 75% accordéiert ginn, dat ënnert enger Konditioun déi priméiert, an zwar dem Intérêt du service. Dat ass also eng Notionclé an dësem Beräich. D'Deelzäitbeschäftegung, déi elo am Detail an de Statut ageschriwwe gëtt, war scho mam Accord salarial vun 2000 entérinéiert ginn, mä ass net ausgefouert ginn, well keng Ausféierungsbestëmmunge gefollegt sinn. Den Detail gëtt also elo mat an d'Gesetz agebaut a gëtt e Bestanddeel vum Statut. D'Verwaltung huet e Pouvoir discrétionnaire fir en ze accordéieren, am Kader vum Intérêt du service, also och wat d'Verdeelung vun der Deelzäitaarbecht ubelaangt op d'Woch, op de Mount, op den Dag an esou weider.

Déi 20%-Klausel ass gestrach ginn an et gëtt elo just nach den Intérêt du service. Et ass och esou, dass déi Deelbeschäftegung 25, 50 a 75% nëmmen en cours de fonction vun 100% kann erfollegen. Beim Stat gëtt et also net d'Méiglechkeet fir Deelzäitfonctionnairen ze rekrutéieren. D'Konditioun ass, dass een de Stage ofgeschloss huet an dass ee säi Passage um INAP gepackt huet. Dat war am Ufank net esou kloer. Et ass awer elo ganz kloer. Et hätt een, seet de Jean-Pierre Klein, och wann een et wierklech gewollt hätt - et freet ee sech, ob d'Noutwendegkeet do ass, do kann een effektiv gedeelter Meenung sinn, ob een dann net och d'Méiglechkeet gehat hätt, fir de Stage ze verlängeren an den INAP. Bon, dat do ass sécherlech en Detail.

Mat der Deelzäitaarbecht stellt sech awer d'Fro, seet de Jean-Pierre Klein, vun der Responsabilitéit a vun der Entscheedungsgewalt iwwert d'Demande de congé à temps partiel vun de Leit aus dem Préscolaire an dem Primaire, wou ganz kloer am Statut elo geregelt ass, dass si Fonctionnaire sinn. Den Här Klein stellt sech d'Fro, ob déi Décisiounen nach wie vor bei dem Gemengerot wäerte leien, oder ob do eng aner Instanz intervenéiert, well et ebe ganz prezis nach eng Kéier opgefouert ginn ass. Hie mécht sech also Suergen doriwwer a fäert eng Konfliktsituatioun. Den Här Statssekretär wénkt of. Ech soen dem Här Klein dat.

Wat d'Disziplinarverfahren ugelaangt, huet d'Regierung d'Gesetzgebung vu fënnef Länner matenee verglach: der Belsch, Dänemark, Frankräich, Holland a Schweden. All Länner hu formell dat virgesi vum Droit de la défense vun deem, dee mam Statut oder mat anere gesetzlechen deontologeschen oder ethesche Bestëmmungen a Konflikt geroden ass.

Fir d'Enquête préliminaire ze maachen, hunn zwee vun deenen examinéierte Länner ee Gremium vu méi Persoune virgesinn, e Collège. Dat schéngt eis eng gutt Approche, eng gutt Compositioun ze sinn, déi global gesi méi eng Garantie vun Ofhängegkeet an Objektivitéit duerstellt an déi d'Affär, mat där se konfrontéiert sinn, vu méi Säite ka beliichten. Dat gëtt eng besser Garantie vu Sachlechkeet wéi an deem System wéi en elo hei virgesinn ass, nämlech mat enger eenzeger Persoun, déi déi préliminaire Enquête soll féieren, an dann eventuell de Conseil de discipline mam Dossier ze befaassen.

Mir haten op en Instruktiounsgremium gehalen, deen aus dräi Persoune géing bestoen, e Gremium andeem esouwuel d'Gewerkschaft wéi och de Patron Stat vertruede wär. De Gremium géing dann à charge an à décharge vum Beamten instruéieren no enger duerch Règlement grand-ducal virgesinner Prozedur, déi am Detail régléiert wär. Dat ass awer net zréck behale ginn, an d'Regierung huet optéiert fir den Enquêteur préliminaire unique zréck ze behalen.

An Zukunft soll de Conseil de discipline net méi e consultative Charakter mä e juridictionnelle Charakter kréien, zwar net am formelle Sënn, sou dass Recoursen un den Tribunal administratif an un d'Cour administrative méiglech sinn. Dat fanne mer eng gutt Léisung. Doduerch kritt de Conseil de discipline méi eng wichteg Missioun a substituéiert sech der Verwaltung, déi bis elo d'Décisioun geholl huet, wat d'Applicatioun vun der Strof ubelaangt huet. De Verwaltungschef hat bis elo d'Méiglechkeet, fir eng manner uerg Sanctioun auszespriche wéi déi, déi him vum Conseil de discipline proposéiert ginn ass. Et ass gutt, dass dat elo eriwwer ass. Et war schwéier bis elo fir all Entscheedungsorgan, iwwer e Collège en objektiivt Urteel auszespriechen. Et dierft och net ze sinn, dass de Commissaire-enquêteur als eenzel Persoun de Pouvoir kritt, fir eng Affär ze klasséieren oder net ze poursuivéieren. An alle Fäll misst de Conseil de discipline mam Dossier befaasst ginn, deen dann opgrond vun der Gravitéit vun der Affär géing klasséieren oder poursuivéieren.

Ech hunn elo, wat den allgemenge Statut, d'Rechter an d'Pflichte vum Fonctionnaire ubelaangt, e puer - hunn ech gemengt - ubruechte Commentairen a Kriticke gemaach. Et ass net alles kloer, wat mir haut hei mat votéieren. Mat méi enger intensiver Récksprooch mat de berodenden Instanzen, och mat dem betraffene Personal selwer, an a leschter Phas mat der Kommissioun, hätte mer bei dëser Virbereedung méi verfeinert Neierungen an de Statut afléisse kënne loossen.

Dat, wat haut verofschiet gëtt, misst de Fonctionnairen en neien Usporn vu Motivatioun mat op de Wee ginn, wéi d'Regierung dat als Zil gesat huet. Ech bezweifelen awer, dass dat heimat erreecht gëtt. Dat hei ass, seet den Här Klein, e Stéckwierk, wat de Fonctionnairen net e positiivt Gefill vun Unerkennung verschaaft. Dëst si sonner Zweifel e puer Neierungen, déi awer och nei Problemer wäerten opwerfen, an déi een hätt kënne bei enger sachlecher Diskussioun vu vireran eliminéieren. D'Zukunft wäert meng Behaaptung als richteg erweisen.

Obwuel dës Regierung eng onvollstänneg Reform virgeluecht huet, déi awer eng ganz Rei vu positive Moossnamen enthält, seet den Här Klein, dass hien dowéinst mat dëser Reform d'accord ass.

Ech wollt zum Schluss, Här President, meng eege Kap erëm undoen a soen, dass d'Iwwerdroe vun den Dispositioune vum Rentendësch an d'Iwwerdroe vun deenen Dispositiounen, déi an der neier Invaliditéitsregelung, déi mer hei gestëmmt hunn, absolut positiv ass. Et ass och festgehale ginn, an dat en accord mat de successive Gehälterofkommes, dass de Fonctionnaire nach no 65 Joer fir weider dräi Joer kann am Statsdéngscht integréiert bleiwen oder réintegréiert ginn, wat an där Situatioun, déi mer um Aarbechtsmaart hunn, zumindest ze hannerfroen ass, wou mer jiddefalls net drop gehalen hunn, dass déi Moossnam sollt an dësem Gesetz zréckbehale ginn.

Massiv Kritik huet den ursprüngleche Projet kritt gehat, wat d'Neiregelung vum Contrat de travail à durée déterminée beim Stat ubetrëfft. Hei hat d'Regierung vir vun dem allgemenge Regime ofzewäichen an an enger Rei vu Fäll de Contrat à durée déterminée wäit iwwer déi zwee Joer eraus ze verlängeren. Ech muss soen, dass dat och haut schonn an der Praxis geschitt, mä, wéi mir festgestallt hunn, net mat där noutwenneger Rechtssécherheet, sou dass, wa mir dat heite Gesetz elo stëmmen, mer riskéieren eng ganz Rei vu Contrats à durée déterminée ze kréien, déi iwwert déi zwee Joer eraus ginn, a Contrats à durée indéterminée ëmgewandelt ze kréien. Et ass virgesi gewiescht vun der Regierung, dass an deene Fäll, wou een an engem Congé sans solde fir 10, 12 oder méi Joer ersat gëtt, dass een dat hätt kënnen iwwer e Contrat à durée déterminée maachen.

Elo hunn d'Chambre des Employés privés, d'Chambre de Travail an och, manner zwar, de Conseil d'Etat vehement dergéint protestéiert, an d'Regierung huet dat zréckgezunn, zu Recht zréckgezunn, well et ass onvirstellbar, dass mir op eemol Contrats à durée déterminée vun enger Dosen a méi Jore beim Stat gehat hätten. Dat ännert allerdéngs näischt dodrun, dass den Ersatzproblem sech stellt, an de Statsrot och drop higewisen huet a sengem Avis complémentaire, dass mer zwar déi Derogatioune vum Contrat de travail eraus geholl hunn, mä dass mer awer d'Fro vum Ersatz net geregelt hunn. Et sinn Iddien opkomm gewiescht an eisen Aarbechtsgruppen, fir dat iwwer e Pool de remplaçants ze maachen, wou een d'Leit hätt kënne fest astellen am Fonctionnairesstatut. Il y a du pour, il y a du contre, mä jiddefalls ass kloer, an do wär ech frou wann d'Regierung eis haut kéint eng Äntwert drop ginn, vu dass mer eng Rei vun net conformë Contrats à durée déterminée hu beim Stat, wéi déi elo an Zukunft behandelt ginn. Ginn dat automatesch Contrats à durée indéterminée, ouni dass déi betreffend Leit musse kloen? Et sinn der méi wéi mer mengen. Gi se automatesch Contrats à durée indéterminée oder mussen d'Leit kloe wéi dat bei de Chargéen am Primaire de Fall war?

Dann déi zweet Fro: Wéi ginn déi Congés à durée déterminée, déi iwwer zwee Joer erausginn, an Zukunft ersat? Mat festen Nominatiounen oder mat Employés privés, wou awer d'erkläertent Zil vun dëser Reform ass, fir nëmmen am Ausnahmefall op Employés privés zréck ze gräifen?

Wëllt d'Regierung dann op successiv Contrats à durée déterminée vun zwee Joer zréckgräifen oder net?

Déi lescht Fro, déi awer och net oninteressant ass, Här Statssekretär a Madame Minister: Wéi handhaabt de Stat d'Regelung vun de CATen? Ass et do esou, wa beim Stat an engem Departement d'Noutwennegkeet ass, fir iwwer länger Zäit en CAT anzestellen, dass déi Plazen och zu definitive Plaze ginn, oder arrangéiert ee sech esou, dass ee sechs, siwen oder aachtmol an deemselwechte Betrib fir déiselwecht Aarbecht en CAT huet, wat jiddefalls net, och wann et successiv Kontrakter à durée déterminée sinn, der Regelung oder der Zilsetzung entsprécht vun dem CAT. Ech wär frou, wa mer och do eng Äntwert kéinte kréien.

Da ganz kuerz d'Regelung vun der Médecine du travail. Do hu mer kontrovers driwwer diskutéiert. Dat wat an dësem Projet festgehale ginn ass, ass eng extrem minimalistesch Solutioun. An hei, ech ënnersträichen dat, geet et eis net fir a Saachen Aarbechtsmedezin elo dat verpöntent Wuert Eintopf ze gebrauchen, mä awer jidderengem Salarié, jidderengem Mataarbechter, ob en am Privatsecteur oder beim Stat schafft, e vergläichbar gudde Service ze garantéieren, mat Spillregelen déi vergläichbar sinn, wou d'Spécificitéite vun deenen eenzelne Secteure kënne bäibehale ginn, mä wou et awer net vernünfteg ass, Här Statssekretär, Madame Minister, dass mer am Privatsecteur op 5.000 Salariéen een Aarbechtsmedeziner hunn an hei beim Stat op 20.000 Fonctionnairë

just een Aarbechtsmedeziner sollen hunn. A well d'Regierung sech och bewosst war, dass dat net duergeet, seet se dann, jo et ass net ausgeschloss, dass de Kontrolldokter, dee mer jo och elo schafen, eng Rei vu Missioune vum Aarbechtsmedeziner iwwerhëlt, well de Collège médical do net expressis verbis dergéint war. Dat ass awer, mengen ech, eng schlecht Aart a Weis, wann op eemol e Kontrolldokter d'Aarbecht vun engem Aarbechtsmedeziner mécht. An dass mer eis richteg verstinn, mir wëllen hei net dass d'Fonction publique duerch Schikane gejot gëtt, mä mir wëlle just sécher stellen, dass déi Aarbechtsmedezin, déi et beim Stat gëtt, grad esou gutt ass wéi déi Aarbechtsmedezin am Privatsecteur. An ech explizéiere mech just an engem Wuert.

Am Privatsecteur, duerch déi periodesch Ënnersichungen, déi gemaach ginn an déi virgesi sinn, déi hei net virgesi si mat därselwechter Périodicitéit, gi bei 10% vun deenen ënnersichte Salariéë Pathologië fonnt, déi déi net wossten, Krankheete fonnt, déi déi Leit net kannt hunn. Dat féiert net dozou, dass hir Aarbechtsplaz a Gefor ass, mä dat gehéiert awer zur Preventivmedezin, an do gesinn déi Leit dass se vläicht e Bobbo hunn, dee se soss net kannt hunn. Och dat ass d'Zil vun der Aarbechtsmedezin, a wann ech gelift, iwwerdenkt nach eng Kéier déi hei minimalistesch Form. Dat ass nämlech den Haaptreproche, dee mer maachen. Net d'Spécificitéit an den eegestännege Regime, mä dass mer deux poids et deux mesures hunn an eng Médecine du travail à deux vitesses, wéi d'Santé selwer festgestallt huet.

Da sinn ech bal fäerdeg fir eng Kéier. Just nach mäi Bedaueren, dass den Här Statssekretär an d'Madame Minister mat enger Propositioun net duerchkomm sinn. Ech hunn Iech virdru scho gesot, dass den Här Klein fäerdeg war an tëschent eis zwee geet keen Zigarretteblietchen an där doter Fro, wollt ech bedaueren, dass eng gutt Propositioun vun der Madame Minister a vum Här Statssekretär net duerchkomm ass. Dat heescht, d'Allocation de famille oder d'Allocation de chef de famille, wéi mer se ëmmer nennen, och op d'Unions libres auszedehnen. Dir hat dat an Ären Amendementer proposéiert, well Der gemengt hat, dass de Justizminister grad esou séier wär wéi d'Fonction publique, a vläicht déi gesellschaftspolitesch Verspriechen, déi en ugekënnegt hat, gedroe vum Statsminister a senge successiven Erklärungen zur Lag vun der Natioun, grad esou séier déi dote Reformen ze brénge wéi Dir an Dir hutt anticipéiert. Et ass domm gaangen. Déi dote Reforme sinn nach net do, wat mer bedaueren, an dofir ass déi gutt Initiativ, fir dat och op Fräipartnerschaften, geregelt Partnerschaften awer auszedehnen, leider op der Streck bliwwen an Dir hutt dat missten zréckzéien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir hutt festgestallt, dass bei der Analys vum Projet mir méi Kritik fir déi Mesurë bruecht hunn, déi op der Streck bliwwe sinn oder déi, well se schlecht virbereet waren, net konnten zréckgehale ginn, obwuel dass der eng Rei wierklech diskutéiert hätte kënne ginn. Déi Mesuren, déi iwwreg bliwwe sinn, mat deene klengen Nuancen, déi mer bruecht hunn an eisen Analysen, wéi Deelzäitaarbecht, wéi d'Réinsertioun vun deene Leit, déi hu missten démissionéieren, wéi d'Neiregelung vun eenzelne Congéen, wéi d'Transpositioun vun de Renteverbesserungen am Privatsecteur. Do gesitt Der och, déi nei Regelung brëngt awer enger ganzer Rei vu Leit Verbesserungen, wéi d'Egalité entre hommes et femmes a wéi d'Verhënnerung oder d'Preventioun vu Mobbing, wou ech virdru gesot hunn, dass mer eng ähnlech oder eng vläicht esouguer nach besser Regelung eis virstelle kënnen, och fir déi aner Secteuren, déi sinn duerchaus ze begréissen.

Hätt d'Regierung hiren Interlocuteuren, all hiren Interlocuteurë méi opmierksam a méi fidèle nogelauschtert, da wieren et wahrscheinlech vill manner Problemer gi bei der praktescher Ëmsetzung vun dëser Reform. Et ass ni ze spéit fir ze léieren. Dir hat e ganze Koup Interlocuteuren, déi et gutt mat Iech gemengt hunn. An eenzelne Punkte sidd Der mam Kapp duerch d'Mauer gaangen, an, Här Statssekretär, Madame Minister, dat huet leider e puer Téitsche bruecht a wat méi schlëmm ass, vill Verspéidung an deem heiten Dossier, dee scho fir d'lescht Joer ëm dës Zäit ugekënnegt war. E war fir Ouschteren ugekënnegt ginn. Leider net Ouschteren neutral, mä Ouschteren 2001.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Ech soen deenen zwee Riedner, dem Här Di Bartolomeo an dem Här Klein merci fir hire Virtrag. Den nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn der Meenung, dass mäi Virriedner an deem méi polemeschen Deel am Ufank vu senger Interventioun dach awer staark d'Kredibilitéit - an hien ass awer jo net dee mannste Mandataire an der LSAP - vu senger Fraktioun an och d'Kredibilitéit vu senger Partei a Fro gestallt huet.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Maacht Iech Suergen iwwer Iech!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- En huet gesot, dëse Projet de loi wär keng legislativ Glanzleeschtung. Or, mir hunn et fäerdeg bruecht e Projet de loi auszeschaffen an e virun dës Chamber ze brëngen.

Déi lescht Reform vun dem Statsbeamtestatut geet zréck op 1979. Et kann een also déi Remarken, déi hie gemaach huet, net maachen. Däerf ech drun erënneren, dass an der Regierungserklärung vum 22. Juli 1994 folgendes stong: „Le statut des fonctionnaires et employés de l'Etat sera réformé dans le double but d'améliorer la gestion des ressources humaines et d'instaurer un meilleur contrôle de la présence et de la disponibilité des agents de l'Etat, ainsi que du travail effectué, contrôle qui sera assorti le cas échéant des sanctions adéquates, de nouveaux modules de travail à temps partiel sont examinés." Or et ass beim Examen bliwwen. Mir hunn net dovu geschwat, sondern mir hunn et gemaach zesumme mat eisem Koalitiounspartner.

***(Interruptions diverses)***

Här President, dann huet e gesot, dëse Projet géing e Rekord vun Oppositions formelles bëinhalten. Ech kann dem Här Di Bartolomeo soen, dass dëse Projet, wat dat ubelaangt, net an d'Guiness-Buch vun de Rekorden ageet, sondern d'Fusioun vu Polizei a Gendarmerie, wou 14 Oppositions formelles waren, deemools vum Minister vun der Force publique, dem Här Bodry. Da kann een net heihinner kommen an esou eng lamentabel Remarque maachen.

Da seet en, mir hätten e Retard vun zwee Joer. Or, wann ech kucke wat d'Pensiounsreform ubelaangt huet, do huet déi viregt Regierung, an dat schéngt mer och normal ze sinn, 2,5 Joer dru geschafft. Esou eppes kann een dach net iwwert de Knéi briechen.

An dann huet e gesot, formal gesinn hätt dëse Projet, a wéi en traitéiert ginn ass, net dozou bäigedroen, den Image vun der Fonction publique opzepoléieren.

Här President, haut um 30. Abrëll 2003 sti keng Dausenden onzefridde Statsbeamten um Knuedler. A 14 Réuniounen huet de President vun der Kommissioun dee Projet examinéiert mat den Deputéierten aus där Kommissioun an den zoustännege Statssekretär huet méi wéi 80 Associatiounen ëmfaangen. Also war en dialogbereet. Et kann een also net vun engem schlechten Image schwätzen.

An da kënnt, Här President, wéi üblech, esou wéi eng Gebietsmillen, ëmmer erëm deeselwechte Reproche un d'DP. Tja, mir hätte jo mat eisem Koalitiounspartner d'Pensiounsreform net méi a Fro gestallt. Ech kann dem Här Di Bartolomeo soen, wa mer eleng gewiescht wären a mir hätten 31 Sëtz, dann hätte mer et gemaach. Mä vu dass mer awer eng Koalitiounsregierung sinn - an dat muss hie jo besonnesch gutt wëssen, well e war 15 Joer dran -, gëtt e Koalitiounsaccord ëmmer nëmmen ofgeschloss op de plus grand dénominateur commun. An dofir muss ech dem Här Di Bartolomeo soen, dass hien an deenen dach äussersten an archimaigrë Kriticken un d'Adress vun der DP total niewent dem Dill läit.

***(Interruptions diverses)***

Mat dem virleiende Gesetzesprojet 4891, Här President, iwwert d'Modificatioun vum Statsbeamtestatut an aneren Dispositiounen, setze mir e wichtege Punkt, ee méi géing ech soen, vun dem Regierungsaccord vun 1999 ëm.

Erlaabt mer meng Interventioun awer ganz besonnesch un d'Adress vum Här Di Bartolomeo mat engem Zitat unzefänken aus dem Orientatiounspabeier aus dem Joer 1998 vun der DP ënnert dem Titel „Pour une fonction publique moderne", an ech zitéieren: „La solution est à trouver dans un Etat moderne et efficace, réclamé depuis longtemps par le DP, à préparer nos administrations de manière pragmatique et réaliste aux défis du troisième millénaire, à mener avec toutes les parties concernées une discussion de fond sur l'ensemble des éléments constituant le statut des agents de l'Etat."

Eppes musse mer constatéieren, dass säit de Wahlen 1999 erëm Rou an d'Fonction publique agekéiert ass. Säit 1999 gëtt mat an ënnert dëser Regierung konstruktiv mat alle Bedeelegten dorunner geschafft, fir eng modern an effizient Fonction publique op d'Been ze stellen, déi den Ufuerderunge vun eiser Zäit gerecht gëtt, déi en Uspriechpartner fir de Bierger ass an déi eng oppen Institutioun fir all Bedeelegte soll duerstellen. Et muss ee jo wëssen, dass d'Manifestatioun vun 1998 net nëmme mat der Pensiounsreform ze dinn hat. Säit 1992 war nämlech och keen Accord salarial méi zu Stane komm. Mir erënneren eis och nach un d'Manifestatioun vun 1996, wou och zegdausend Statsbeamte vum Glacis op de Knuedler gaange sinn a friddlech fir hir Rechter demonstréiert hunn.

Wat d'Rentesystemer ubelaangt, esou wësse mir jo awer och wat dës Regierung geleescht huet ënnert dem Carlo Wagner, an dem Secteur privé. En tout cas, säit 1999 sinn zwee Accords salariaux zwëschent der Regierung an der representativer Gewerkschaft fir d'Fonction publique ënnerschriwwe ginn. Dat muss een unerkennen an dat däerf een och net einfach ewech rieden. An et ass net wéi d'LSAP eis de Virworf mécht, dass mer just Geld verdeelt hätten, obschonn dass ee jo net vergiesse soll, dass an der Regel am Privatsecteur all zwee bis dräi Joer Kollektivvertragsverhandlunge stattfannen.

D'LSAP, an dat huet een erëm gesi bei mengem Virriedner, huet elo säit hirem Echec vun 1999 d'Fonction publique erëmentdeckt. Hie weess genee, dass d'Accords salariaux eng ganz Rei vun Dispositiounen enthalen hunn, déi elo zum Deel duerch d'Reform vum Beamtestatut ëmgesat ginn.

***(Interruption)***

En Deel dovun.

Bei den Accords salariaux geet et also net eenzeg an eleng ëm Suen, mä och ëm en Accord, deen et erlabe soll sech zesummen, dat heescht zwëschent der Regierung an de Vertrieder vun de Statsbeamten, Richtlinnen ze gi fir d'Fonction publique kontinuierlech ze verbesseren, an dat am Intérêt vum Bierger.

Däerf ech drun erënneren, dass déi lescht Reform, an ech hunn et virdru gesot, vum Statsbeamtestatut zréckgeet op d'Joer 1979. Et war deemools den DP-Minister Emile Krieps an enger DP-LSAP-Regierung, deen dëse Projet de 16. Abrëll 1979 an d'Chamber erabruecht huet. Ech kann also dem Här Di Bartolomeo soen, dass all Kéiers, wann d'DP an der Regierung ass, mat der CSV oder mat de Sozialisten, wichteg Akzenter an der Fonction publique gesat ginn.

***(Interruption)***

Mä mat där Reform, déi mir haut hei stëmmen, kuckt d'DP zréck op eng laang Traditioun, wou si, wa se an der Regierung war, an ech hunn dat jo elo gesot, sech dofir agesat huet, dass déi statutaresch Situatioun vun de Statsbeamten ëmmer op en Neits moderniséiert gouf an de Gegebenheete vun engem modernen an effiziente Stat ugepasst gëtt. D'Welt bleift net stoen. Och am 21. Joerhonnert ass et eis verdammte Pflicht al arodéiert a festgefuere Strukturen ze verbesseren, si un déi aktuell Gegebenheeten ze adaptéieren. Dat ass am Intérêt vun deene concernéierte Beamten a vum Bierger, deen onweigerlech mat hinnen öfters a Kontakt kënnt. Säit der leschter Reform vun 1979 sinn also bal 25 Joer vergaangen. Ronderëm eis huet villes évoluéiert a changéiert.

Ech kann dann awer och nach am Numm vun eiser Fraktioun e ganz besonnesche Merci a meng Félicitatiounen un de Gusty Graas adresséieren, deen en excellente schréftlechen a mëndleche Rapport gemaach huet, an ech géing awer och an dee Merci aschléissen, well hien och net oft d'Geleeënheet kritt fir esou gelueft ze ginn, de Statssekretär vun der Fonction publique, dee jo e ganz groussen Effort gemaach huet an eng onheemlech Dialogbereetschaft gewisen huet.

A sengem Rapport stellt de Gusty Graas folgendes fest, an ech zitéieren dat: „Une administration publique moderne, efficace et proche du citoyen se doit d'être en tout premier lieu innovatrice et ouverte à l'intérieur de ses structures. En effet, une administration publique qui est en quelque sorte le reflet de notre société et qui tient compte des changements qui s'y opèrent sera encore plus à même de se mettre au service de la communauté ou de la collectivité."

Fir dass d'Fonction publique awer hirer Roll gerecht ka ginn, muss se och esou organiséiert ginn, fir dass se eben den neie Gegebenheete vun eiser Zäit, no deenen eis Gesellschaft sech entwéckelt huet, ugepasst gëtt. Dat kléngt wéi eng Lapalissade, mä nach geet et net duer fir et ze soen, et muss een et och maachen. Dat geschitt elo mat dëser Reform, a meng Kolleegen aus der Fraktioun Maggy Nagel a Jeannot Belling wäerten op déi eenzel Dispositiounen nach zréckkommen. Ech ka mer jiddefalls erlabe festzestellen, dass déi Dispositiounen deenen aus dem Wahlprogramm vun der DP vun 1999 an och deenen aus der Déclaration gouvernementale, wat genau esou wichteg ass, vun 1999 mir also trei sinn.

Ech soen dat un d'Adress vun all deenen, déi eis onberechtegt an ongerechtfertegt Virwërf maachen a besonnesch eis zwou Majoritéitsparteien an dësem Sujet wëllen ausernaner dividéieren. Dat brénge se net fäerdeg!

D'Deelzäitaarbecht gëtt agefouert. Dat ass eng vun deene wichtegen Neierungen. Et gëtt déi legal Basis fir den Télétravail geschafen. Déi Beamten, pour l'essentiel Fraen, déi virun 1984 hu misse vun hire Funktiounen démissionnéieren, well se sech wollten oder hu missen ëm hir Kanner këmmeren, kënnen erëm hiren Déngscht an der Fonction publique ophuelen. Genau esou dréit d'Aféierung vun de sougenannte Mitarbeitergespréicher dozou bäi, d'Beamten duerch eng besser Informatioun a méi en enkt Abannen an d'Organisatioun vun engem Service méi ze responsabiliséieren a se doduerjer och nach méi ze motivéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir mech ass e gudde Beamten net deejéinegen, dee seng legal Aarbechtszäit ofsëtzt, mä deejéinegen, deen déi him uvertrauten Aarbecht gutt, kompetent an op eng schnell Aart a Weis léist.

D'Procédure disciplinaire gëtt reforméiert, an dat am Intérêt vun de Beamten. Et ass nu leider emol esou, dass genau wéi am Secteur privé et och alt am Secteur public lénks a rechts schwaarz Schof ginn. Domadder muss een ëmmer rechnen, mä fir dass trotz allem awer kengem en Onrecht geschitt a kee léséiert gëtt, gëtt eben d'Procédure, wéi de Rapport et seet, nach méi transparent, neutral an impartial gestallt. Fir iwwerhaapt esou eng Prozedur ze évitéieren, gëtt den Ordre de justification agefouert. Et ass scho vun deem geschwat ginn. Ech brauch net drop anzegoen. Dat huet den Avantage, dass ee kleng Ongereimtheeten direkt aus dem Wee schafe kann éier se esou ausaarten, dass eng Procédure disciplinaire engagéiert gi muss, wat finalement kee sech wënscht.

Spezialisten aus dem Privatsecteur kënnen agestallt ginn, déi hir Erfahrungen aus dem Privatsecteur Gewënn brëngend an d'Fonction publique kënne matbrénge an déi de Bols vun eiser Gesellschaft aneschters spieren an dofir e ganz interessanten Apport kënne brénge.

Et ass net meng Intentioun nach méi prezis op all déi Saachen anzegoen, well mir Virriedner waren do ganz ëmfangräich an hunn déi wichtegst Elementer vun dësem Projet de loi erausgeholl. Ech wëll just nëmme soen, dass mir un deene Mesurë selbstverständlech festhalen, dass mir se begréissen, ob dat elo och besonnesch déi Geschicht ass mat de Postes à responsabilité. Mir wëssen, dass de Statsrot sech zweemol, eng Kéier a sengem éischten Avis an dunn an engem Avis complémentaire, formell opposéiert huet zu där Mesure. Well mer den Datum vum Vote vun dëser Reform, an ech mengen do war jiddferee mat eis d'accord, net hu wëlle verleeën, hu mer dës Dispositiounen oder ware mer d'accord fir se aus dem Gesetz erauszehuelen.

Ech a meng Fraktioun, mir deelen absolut d'Propositioun vun der Regierung, fir hei kuerzfristeg an der Chamber e Projet de loi ze déposéieren, deen d'Dispositiounen, wat d'Postes de responsabilité ubelaangt, ëmsetze soll. D'Aféierung vun deene Mesurë soll awer elo net heeschen, dass een elo, wéi de Fransous géing soen, all siwe Joer soi-disant sur la sellette wär. Et erlaabt just am Fall, wou sech géing erausstellen, dass eng Persoun net forcément fir dee Poste gemaach wär, aus deem engen oder anere Grond, en Instrument ze hunn, fir no siwe Joer aner Dispositiounen ze treffen.

De Rapporteur huet hei vu Beispiller geschwat. Ech kann Iech soen, d'Chamber ass selwer op dee Wee

gaange bei der Nominatioun vum President, dem Vize-President an de Conseillere vun der Cour des Comptes. Et ass also näischt Neies méi.

Mäi Virriedner huet natierlech op eng Rei vu Saachen higewisen, déi an hirem besonnesche Pabeier do stoungen, dem Document de réflexion élaboré par le cercle Paul Wilwertz am September 2002. Do stinn eng Partie interessant Saachen dran. Déi nei Attitüd vun der LSAP, déi geet jo dorop eraus fir aus hirem Echec vum Wahlergebnis vun 1999 ze léieren an d'Fonction publique erëm ze entdecken. Vläicht huet se se iwwerhaapt emol erëm nei entdeckt, well se se an deene leschte 15 Joer, wou se an der Regierung war, net gesinn huet. Ausser Pressekonferenzen ze veranstalten, wou monéiert gëtt, dass Lëtzebuerg mat e-Government hannendra wär, an alleguer déi Beamten, déi sech am Kader vun e-Lëtzebuerg vill Méi maache fir eppes wat Kapp a Fouss huet op d'Been ze stellen, brüskéiert huet, huet menger Meenung no d'LSAP keng richteg Alternativen zu deem wat d'Regierung proposéiert huet.

Och huet d'LSAP duerch hire Spriecher hei vergiess ze soen, dass Lëtzebuerg bei der leschter Etüd vun der EU-Kommissioun am Oktober 2002 un drëtter Plaz vun deenen 18 Länner kënnt, déi während dem leschte Semester am Kader vun e-Government déi gréisste Progressioun verzeechne konnten.

***(Interruption)***

Mä well se sech däers iergendwéi bewosst war, hu se dann dunn de sougenannte Positiounspabeier, deen och virdrun hei ernimmt ginn ass, publizéiert. Do hat ee jo d'Impressioun, wéi een dat gelies huet, wat an deem Positiounspabeier steet, elo kënnt et, elo wësse mer emol endlech wat d'LSAP wëllt, elo kréie mir an d'Regierung mol gesot, wat ze maachen ass, mä et ass genau esou gewiescht wéi bei der Interventioun vu mengem Virriedner, et war alt erëm eng Enttäuschung. Iwwerrascht war een trotzdeem, wann ee Folgendes gelies huet: „Finalement il importe de relever que l'usager doit pouvoir avoir confiance en l'administration. Une fois que cette dernière a rendu son fonctionnement transparent et qu'elle soit prête à mesurer le degré de satisfaction des usagers et à dialoguer ouvertement avec ces derniers, les informe, les aide, les conseille, redresse ses erreurs, respecte les droits des usagers, et mise sur la prévenance, la qualité et la sincérité, alors la confiance de la part des usagers lui sera acquise et assurée."

Här President, dat ass a mengen Aen e staarkt Stéck. Offen Diere ginn do agerass. Wann een dat liest, da mengt een, et wär awer och glat a guer näischt an der Fonction publique gelaf bis zu dem Positiounspabeier vun der LSAP, an dass d'Fonction publique an hir Vertrieder géingen de Bierger d'Dier op der Nues zouschloen.

Mir hunn den Avantage zu anere Länner, dass eis Administratiounen awer nach iwwersiichtlech sinn, an dass mer och vill Beamten hunn, déi d'Bierger informéieren a beroden.

Erlaabt mer dann awer och nach dës Fro ze stellen: Ass de Statut général du fonctionnaire de l'Etat dann näischt aneschters wéi ebe just eng Charte, wou d'Rechter an d'Pflichte vun de Beamte festgehale sinn? Vläicht wollt d'LSAP dës Kéier méi verdeckt knäipen, wéi se dat virdru gemaach huet, notamment mat hirem Pabeier mat deenen 21 Propositiounen an der Education nationale, dem Pabeier vu Steesel. Sinn d'Mitarbeitergespräche an den Ordre de justification, déi elo mat dëser Reform agefouert ginn, net dozou ugedoen, dass dat wat d'LSAP verlaangt geschitt an ëmgesat gëtt? Mä leider ass d'LSAP erëm e bëssen ze spéit, étant donné dass de Projet jo schonn 2001, also wäit virun hirem Positiounspabeier, Här Meyers, déposéiert ginn ass.

Da gëtt an deem Pabeier och nach eng Occupation permanente vun dem Central téléphonique gefrot. D'LSAP huet vergiess, dass am Joer 2001 de Numéro vert installéiert ginn ass. D'Fro stellt sech och, ob, wéi si an der Regierung waren, iwwerhaapt esou en Telefon fonctionnéiert huet. Ob d'Fonctionnairen iwwerhaapt en Telefon haten, misst ee sech jo da froen, wann den Här Di Bartolomeo dat kritiséiert, wat mir elo gemaach hunn.

Och soll, laut der LSAP, d'Formation initiale während dem Stage verbessert ginn. D'LSAP huet och hei net déi sëlleche Reformen am Kader vum INAP mat krut, déi säit 1999 ënnerholl gi sinn.

Här President, ech kéint elo ouni Weideres nach virufuere mat Beispiller, déi weider kloer der LSAP hire Manktum un Inititiativbereetschaft an un Alternativen ënnersträichen.

Une voix.- Oh là là là!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech kommen awer trotzdeem net derlaanscht eng Saach ze ernimmen, déi der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei hir Hëlleflosegkeet ganz besonnesch gutt illustréiert. An ech muss soen, de President vun der LSAP huet sech elo liicht geäussert, mä wann ech awer dann de Mëtteg dat Bild kucken, Här Asselborn, wat Dir hei ofginn hutt: Dir hutt en offizielle Spriecher, deen heihinner kënnt a Kritiken ubréngt. Si ware polemescher Aart. Ech hunn dorop geäntwert. Dat ass alles schéin a gutt. An da gëtt hei d'Ried virgelies vum Här Jempy Klein, a bei all zweetem Alinéa gëtt gesot, dat do seet de Jempy Klein. Dat huet d'Impressioun vermëttelt, besonnesch bei eiser Fraktioun, dass den Här Di Bartolomeo net ganz mat deem d'accord wär, wat de Jempy Klein geschriwwen huet. Dat Bild huet dat vermëttelt. E Bild vun Zerstriddenheet. E Bild, dass Der net eens sidd, esouguer wann zwee datselwecht hei solle soen.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Wann ech glift, wann deen ee fäerdeg ass, kann deen anere schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Däerf ech, wann ech gelift, dem Här Rippinger…

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech sinn direkt fäerdeg, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech wollt lech just eng kleng Äntwert ginn. Wann Dir déi Impressioun hat, Här Rippinger,…

Une voix.- Dir hutt d'Wuert net.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dach, den Här President huet mer et ginn. Den Här Rippinger huet mir zweemol eng Fro gestallt, dann äntweren ech wéinstens eng Kéier.

Wann déi Impressioun sollt opkomm sinn, dass et eng Differenz zwëschent dem Jempy Klein a mir géif ginn, dann erënneren ech lech drun, dass ech op der Tribün gesot hunn, dass et zwëschent dem Jempy Klein a mir keng Plaz gëtt fir en Zigaretteblietchen.

***(Etonnement)***

Dat heescht, wann de Jempy Klein schwätzt, schwätzt en och a mengem Numm a vice-versa. Mir schwätzen allen zwee am Numm vun eiser Fraktioun. Déi Impressioun, déi Der hat, war also falsch. Et deet mer Leed.

M. le Président.- Här Rippinger, fuert weider.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech huelen Akt vun der Rectificatioun vun dem Här Di Bartolomeo, mä dat wat hien elo gesot huet, huet mech awer net iwwerzeegt, an ech muss soen, dat hei ass elo kee wichtegt Element, mä ech sinn dat Gefill net lass ginn, an elo wou en déi Rectificatioun, déi archimaigre ass, abruecht huet, muss ech soen, sinn ech nach net iwwerzeegt, mä et ass awer net wichteg.

Ech wollt nach eng Kéier op déi Schwieregkeet hiweisen an där d'LSAP effektiv ass. Ech verstinn dat och. Et ass net einfach fir si, fir d'éischt an der Kommissioun sech ze enthalen an dann heihinner ze kommen an ze soen, si géingen et stëmmen an trotzdeem Kriticken derzou unzeféieren. Si haten an der Kommissioun ugekënnegt, si kéime mat Amendementer. Or, déi Amendementer sinn ni komm. Wat komm ass, dat ass e Froekatalog mat deem een net vill konnt ufänken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zum Schluss. Et ass en excellente Projet de loi, deen d'Regierung déposéiert huet, a wéi bei all aner Projet de loi muss een emol fir d'éischt kucken, wéi e sech an der Ausféierung deet. Et kann een ëmmer nach nobesseren, fir et nach besser ze maachen.

Et ass jo näischt Neies fir Iech, wann ech Iech soen, dass d'Refom vum Beamtestatut net eng Reform ass, déi iwwert d'Käpp vun de Leit eraus décidéiert ginn ass. Si ass zesumme vun dëser Regierung, vum zoustännege Minister, mam Statssekretär a mat der representativer Gewerkschaft ausgeschafft ginn. Déi Reform dréit dem Besoin vun enger moderner effizienter an transparenter Verwaltung Rechnung a gëtt hire Beamten d'Méiglechkeet Beruff a Privatliewe besser ze vereenen. Et ass eng Reform mat de Beamten, fir d'Beamten, am Intérêt vun de Bierger. Dat ass dat och woufir mir, d'DP, stongen a stinn a woufir mir eis och an Zukunft wäerten asetzen. Et ass also guer kee Problem, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass mir dëse Projet de loi stëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Rippinger. Nächste Riedner ass den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleeg Gusty Graas merci soen an e félicitéiere fir säin explicitë schréftlechen an och mëndleche Rapport, deen hien de Mëtten hei virgedroen huet. Hien huet op eng gutt verständlech Manéier déi eenzel Dispositiounen aus dem Gesetz hei erkläert.

Dëse Projet huet eng relativ laang Virgeschicht. En ass den 19.12. 2001 deponéiert ginn. D'Kommissioun vun der Fonction publique ass 14-mol zesumme komm. Et sinn eng Rei Avis complémentaires gefrot ginn, esouwuel vun de Chambres professionnelles wéi vum Conseil d'Etat, fir datt dat Gesetz nun emol haut hei esou zur Diskussioun kënnt wéi et an der leschter Sitzung festgehale ginn ass.

Et ass sécherlech, wann een als Stat, als Gesellschaft wëllt e gudde funktionelle Statsbetrib hunn, datt een och muss kucken, datt déi Leit, déi beim Stat schaffen, e Statut hunn deen hinne Garantië gëtt, deen op där anerer Säit hinne Responsabilitéiten, Pflichten operleet vis-à-vis vum Stat a vis-à-vis vun der Gesellschaft.

Ech wëll a menger Interventioun méi punktuell Iwwerleeungen zu dësem Gesetz maachen. Dir wësst, datt mer als Partei eng Reform vun den öffentleche Verwaltungen, eng Réforme administrative verlaangen, esou wéi se och an der Regierungserklärung steet, wéi och den Titel vun dem zoustännege Ministère ass. Mäi Kolleeg Jacques-Yves Henckes wäert méi spéit op dësen Deel agoen.

Dëst Gesetz féiert ënner anerem d'Deelzäitbeschäftigung, den Temps partiel a mat 25, 50, 75%. Mir beschreiden domadder nei Pied an der Fonction publique. Wat am Prinzip virdru beim Statut vum Fonctionnaire net méiglech war, gëtt awer elo méiglech opgrond vun dem Accord salarial, deen den 29. Mee 2000 festgehale ginn ass.

Den Temps partiel gëtt ëmmer méi an eiser moderner Gesellschaft, déi sech an deene leschte Jorzéngten ëmstrukturéiert huet, wou ëmmer méi Frae mat an d'Beruffsliewen eraginn, a wou Mann a Fra versichen d'Familljeliewen, d'Erzéiung vun de Kanner mat dem Beruffsliewe beschtens ze combinéieren, zu enger Regel, zu enger Normalitéit, Temps partiel wéi en am Privatsecteur schonn a ville Betriber besteet a wéi et och elo richteg ass, datt mer en an der Fonction publique kréien.

Wichteg ass, datt een e Konsens fënnt, wou de Wënsch vun de Leit an de Besoinë vum Betrib Rechnung gedroe gëtt, an datt een de gesonden Equiliber erausfënnt, datt der Administratioun garantéiert ass, datt e gudde Fonctionnement bestoe bleift.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Am Projet de loi war virgesinn, datt een den Temps partiel pro Administratioun sollt op 25% maximum limitéieren. Am Laf vun den Diskussiounen ass déi Klausel vu 25% erausgeholl ginn, wat ech och fir eng gutt Léisung fannen. Verschidde Betriber kënne vläicht fonctionnéieren opgrond vun hirer Struktur, vun där Aarbecht déi se maachen, an anerersäits gëtt et awer och wahrscheinlech Administratiounen, wou déi 25% net kënnen autoriséiert ginn, mä doduerch datt se awer als e Maximum an engem Gesetz stinn, quasi als e Recht kéinten ugesi ginn. Datt dee Maximum vu 25% aus dem Text erausgeholl ginn ass, ass eng gutt Saach, an datt den Temps partiel agefouert ginn ass, bewäerte mir och als positiv.

An deemselwechten Zesummenhang ass, datt all déi Zäite vum Congé pour travail à mi-temps, vum Temps partiel, fir d'Erzéiung vu Kanner bis zum Alter vu 15 Joer, an Zukunft mat ugerechent gi wat d'Promotiounen, d'Avancementer, oder den Examen de promotion ubelaangt. Dat ass an eisen Aen eng gutt Moossnam a gëtt och vun eis positiv bewäert.

Réintegratioun, d'Méiglechkeet, datt d'Leit wuel mussen e gewëssenen, wéi soll ech soen, Recyclage maachen, mä datt se awer erëm an hir Verwaltunge kënne réintegréiert ginn, schéngt eis och eng normal Saach ze sinn, well mer wëssen, datt bis haut déi Leit net konnten erakommen, oder hu missen an de Verwaltunge waarde bis am Kader vum Kader eng Plaz fräi ginn ass. Datt awer déi Leit elo kënnen hors cadre gefouert ginn, fënnt eis Zoustëmmung an dësem Zesummenhang.

Wat den Temps partiel ubelaangt, wollte mer d'Fro un d'Regierung stellen, ob elo kuerzfristeg e Gesetz kënnt, wat all déi Dispositiounen, déi mer an dësem Gesetz hunn, op de Gemengesecteur transposéiert a wéini datt dat kënnt.

Mir haten an der Kommissioun d'Diskussioun, a mir hu keng kloer Äntwert drop kritt, wat zum Beispill d'Enseignanten ubelaangt, déi net beim Stat mä bei de Gemengen am Préscolaire an am Primaire beschäftegt sinn, a wou am Fong kee bis haut eis esou richteg konnt soen, wien dann elo hire Patron ass, wien den Temps partiel kéint autoriséieren. Den Här Statssekretär hat gemengt, huet sech awer net fest fixéiert, datt dat de Stat wier. Op där anerer Säit ass et awer esou, datt d'Gemengen d'Poste schafen, se ausschreiwen, d'Leit auswielen, déi esouguer op de Gemenge vereedegt ginn, mä si gi vum Stat bezuelt an d'Gemenge participéieren zu engem Drëttel drun, esou datt ee misst kuerzfristeg klären, wien dann elo de Responsabelen an där Fro ass. De Stat oder d'Gemengen? Soss kéinte mer eventuell Konfliktsituatioune kréien, well Leit sech dat eventuell beim zoustännege Minister géifen ufroen, d'Gemengen awer wahrscheinlech net domadder averstane kéinte sinn oder eleng aus der Ursaach eraus, datt se net gefrot si ginn.

D'Fro ass, wéini dat op de Gemengesecteur transposéiert gëtt a wien dann elo wierklech den hierarchesche Chef vun den Enseignanten ass, déi an de Gemengen, esouwuel am Préscolaire, am Précoce wéi am Primaire, beschäftegt sinn.

D'Procédures disciplinaires, déi sech als äusserst schwiereg erwisen hunn, ginn duerch dëst Gesetz reforméiert op der Basis vun Erfahrungen, déi an de leschte Jorzéngte gesammelt si ginn. Hei gëtt eng Prozedur agefouert, wou mer e Commissaire de Gouvernement kréie mat engem spezialiséierte Service, mat méi enger kloerer Struktur, wou mer och méi, géif ech soen, d'Garantie kréien, datt eng neutral, eng transparent Gestioun vun den Dossiere gemaach gëtt, e Service dee méi onofhängeg vun de Verwaltungen ass an deen a priori et och klenge Verwaltunge méi liicht mécht, wann esou e Fall sech an hirer Verwaltung stellt. A gréissere Verwaltungen, wou déi concernéiert Leit vläicht net onbedéngt all Dag mat hirem direkte Chef a Verbindung sinn, léisst dat sech besser maache wéi an enger klenger Verwaltung, wou nëmmen e puer Leit sinn. Och déi Propositioun fënnt ons Zoustëmmung.

D'Recrutementer, déi ginn an Zukunft eenheetlech gemaach. Den Examen-concours gëtt d'Regel. Et däerf net eng Derogatioun dozou bestoen. Den Alter gëtt op 45 Joer erop gesat, wat och wichteg ass, well mer am Privatsecteur schwéier kënnen de Betriber als Stat soen, Dir musst awer och déi Leit am Alter vu 45, 50 Joer, déi am Chômage sinn, astellen, a mir als Stat oder als Gemeng ginn op där anerer Säit hin a soen dass mer keen huelen, deen iwwer 40 Joer ass. Virun enger Rei vu Jore war et esouguer 35 Joer. 45, géif ech soen, ass e gudde Schrack, deen elo hei gemaach gëtt. Et schéngt engem och kloer, datt een net e Statut vum Fonctionnaire iergendwéi mat 55 Joer soll ugoen. Wat awer wichteg ass, datt mer elo mat 45 Joer keng Derogatioune méi zouloossen, mä datt et einfach den definitiven Alter ass.

Wou mer méi Problemer dermat hunn, dat ass mat dem Rekrutéiere vu Spezialisten, well een do, eiser Meenung no, et deene Leit, déi dat décidéieren, an dësem Fall de Regierungsrot, ze vill einfach mécht, wéi se kënne Leit aus dem Privatsecteur an d'Fonction publique eriwwerhuelen. Mir stinn där Iddi éischter skeptesch vis-à-vis, well mer mengen datt all Mënsch den normale Wee iwwert den Examenconcours soll aschloen, a wann dovun ofgesi gëtt, datt dat wierklech nëmmen däerf eng Exceptioun sinn. Hei ass awer d'Méiglechkeet ginn, ech wëll näischt ënnerstellen, mä d'Méiglechkeet ass hei awer ginn, datt iwwert dëse Wee d'Regierung Leit an de Secteur public kann eranhuelen, déi da schonn no engem Joer, well se beim Stat ee Joer beschäftegt sinn, de Statut vum Fonctionnaire kréien, an dat net onbedéngt wéinst hirer Spezialisatioun, mä oft wéinst hirer politescher Zougehéieregkeet.

Dat kann ee Wee sinn a mir pochen ëmmer drop, datt mer fir de Statut vum Secteur public wëllen absolut neutral si vis-à-vis vun der Politik an datt et keng politesch Fonctionnairen dierfe ginn. An iwwert

dëse Wee vum Rekrutéieren, wou d'Regierung kann Ausnahme maache vis-à-vis vum normale Recrutement fäerte mer, datt do eng politesch Fonctionnaliséierung vu gewëssene Leit, déi dann och ganz dacks eben op speziell an dirigéierend Poste komme kënnen an d'Fonction publique, wat net am Interessi vun der Fonction publique ass, wa Leit duerch politesch Zougehéiereregkeet gewëssen Avantagen a Privilegië vis-à-vis vun deenen anere Fonctionnairë kréien.

Datt mer de Gläichheetsdéléguéierten an der Fonction publique aféieren ass eng Transpositioun, déi mer am Privatsecteur scho laang hunn, an datt déi elo an der Fonction publique kënnt, mengen ech ass, an dat ass de Mëtteg schonn e puermol hei ugeklongen, opgrond vun de Statistiken, déi et an deem Domän do gëtt, scho wichteg, datt een op alle Plaze wou Leit zesumme musse schaffen, Strukturen opbaut, wou een op déi dote Gläichheetsprinzipië ka pochen an och akloen.

An dësem Gesetz ginn dann och eng Rei vu Moossname vun den Dispositioune vum Rentendësch mat ëmgesat. Déi um Rentendësch derbäi ware wëssen, datt et um Rentendësch keng Diskussioun war, ob déi Verbesserunge fir de privaten oder den öffentleche Secteur waren. Et war ëmmer Eestëmmegkeet um Rentendësch, datt all déi Moossnamen, déi do getraff si ginn, fir déi zwee Secteure wieren, an datt déi och missten an deenen zwee Secteuren ëmgesat ginn. An dofir, wa mer haut hei déi Dispositioune wat d'Babyjoren ubelaangt och elo an der Fonction publique ëmsetzen, dann ass dat eng logesch Konsequenz vun den Décisiounen, déi mer um Rentendësch geholl hunn, wou mer jo am Privatsecteur déiselwecht Dispositiounen hunn, datt Leit, déi an hirer Carrière Babyjoren ugerechent kréien, an déi Urechnung awer net dat ausmécht, wat de Forfait d'éducatioun, dee mer duerch d'Gesetz vum 28. Juni 2002 agefouert hunn, datt déi Differenz dann ebe géif als en Zouschouss bezuelt ginn am Privatsecteur, hu mer an d'Gesetz gesat, datt dann dee Montant, dee berechent gëtt als Babyjoren einfach esou héich eropgesat gëtt, fir datt awer déi 3.000 Frang géifen erauskommen.

Et ass also identesch, eng Gläichstellung tëschent dem Régime général an dem Secteur public. Déi fënnt och eis Zoustëmmung.

Datt de Plaffong bei de Witwerenten erhéicht gëtt, fënnt och eis Zoustëmmung. Mir hunn hei zwar nach eng Differenz vis-à-vis vum Privatsecteur, mä am Privatsecteur hu mer d'Pensioune wat d'Witwerenten ubelaangt virun enger Rei vu Jore vu 66 2/3 op 75% gehéicht. Et ass also e Prozentsaz, dee méi héich ass wéi deen an der Fonction publique. Mir waren net domat averstanen, opgrond vun de generellen Differenzen, déi mer tëschent Witwen oder de Pensiounen, tëschent dem privaten an dem öffentleche Secteur, datt ee géif déi Dispositioun vun deene 75% tel quel an d'Fonction publique ëmschreiwen, mä vu datt mer och an der Fonction publique, ënner verschiddene Fäll, kleng Witwepensiounen hunn, ass et scho richteg, datt een do eng Upassung vum Plaffong mécht, ouni datt een doduerch de Prozentsaz eropsetzt.

Eng Dispositioun mat där mer net averstane sinn ass déi, déi mer virun e puer Joer agefouert hunn, mat de 57 Joer, mat 40 Joer cotiséieren, wou ee kann an d'Pensioun goen. Ech mengen, dat war nach ënnert dem Minister vun der Fonction publique Marc Fischbach, wou dat deemools agefouert ginn ass, wou Leit mat 57 Joer a 40 Joer Déngscht kënnen an d'Pensioun goen, wou deemools awer eng Dispositioun an d'Gesetz komm ass, déi gesot huet, et géif pro Joer, wou ee viru 60 Joer géif an d'Pensioun goen, 1/60 vun der Pensioun gekierzt ginn.

Dat war den Equivalent, wou deemools argumentéiert ginn ass, wann ee mat 57 Joer am Privatsecteur an d'Pensioun geet, da kritt een och net déi Pensioun wéi wann ee bis 60 Joer geschafft hätt. Dann hätt ee jo och dräi Joer weider geschafft, dräi Joer weider cotiséiert an dann hätt ee méi eng héich Pensioun kritt. Deemools ass argumentéiert ginn, dat wier richteg an dofir misst dann eben 1/60 ofgezu gi pro Joer, wou ee virdrun an d'Pensioun geet. Mir sinn dofir net domat averstanen, datt dat elo eesäiteg réckgängeg gemaach gëtt an der Fonction publique, datt déi Dispositioun ofgeschaaft gëtt. Domadder ginn d'Pensiounen aus dem Privatsecteur op deem dote spezifesche Punkt vis-à-vis vun der Fonction publique neierdéngs erëm da benodeelegt, quitte datt dat doten elo keng Mass vu Leit betrëfft, well et sinn éischtens Leit déi musse 40 Joer geschafft hunn. Et sinn der wahrscheinlech da vun der Carrière inférieure, well déi aner an der Regel mat 57 Joer net un déi 40 Joer erukommen, an et ass och gesot ginn datt déi Leit, déi elo schonn an deem System an der Pensioun wieren, net réckwierkend, mä deen Ableck, wou déi Bestëmmungen hei a Kraaft trieden, hir Pensiounen nei berechent kréien. Dës Propositioun fënnt net eis Zoustëmmung.

De Bénévolat iwwert d'Pensioun ewech, do hu mer iwwerhaapt net verstane wéi een op esou eng Iddi kënnt kommen, fir datt ee fräiwëlleg fir näischt nach géing weider bei de Stat schaffe goen. Ech gesi keng Ursaach. Dat muss eng Persoun sinn, déi eng wonnerschéi Plaz huet oder eng fuerchtbar schlëmm Fra doheem huet. Ech fannen einfach keng Ursaach, firwat datt ee fir näischt soll iwwert d'Pensioun eraus schaffe goen, an et hu wahrscheinlech méi Leit dat gemengt. Dofir ass jo och déi Dispositioun erëm aus dem Gesetz gestrach ginn. Well do hätt sech jo nach eng Rei vun anere Froe gestallt. Wéi ass et mat der Responsabilitéit? Do ass jo awer e Statut, deen dorunner hänkt. Wann déi Leit net méi vum Stat bezuelt ginn, hunn déi dann awer nach Pouvoir? Kënnen déi nach engagéieren oder wat se do maachen? Ass de Stat dofir responsabel? Oder wéi wäit sinn d'Leit responsabel? Et gëtt jo och eng ganz Rei vu Froen, déi sech do zousätzlech opgeworf hunn, an dofir ass et wichteg datt mer och déi Dispositioun aus dem Gesetz erausgeholl hunn.

Eng aner Dispositioun, wou mer mengen, datt se och net gutt wier an och dofir net domat averstane sinn, dat ass datt ee méi laang iwwert de Pensiounsalter vu 65 Joer bis 68 Joer kënnt weider schaffen.

Ech wëll soen, datt mer virun enger Rei vu Joren am Privatsecteur déi doten Dispositioun agefouert hunn, datt een, wann de Betrib an de Salarié en Accord haten, ee konnt méi laang schaffe goe wéi 65 Joer. Mat deem Gesetz wou mer d'Dispositioune vum Rentendësch ëmgesat hunn, hu mer déi Dispositioun aus dem Gesetz fir de Privatsecteur erausgeholl, well se an der Praxis einfach net applizéiert ginn ass, well keng Leit sech fonnt hunn, déi méi laang wéi 65 Joer schaffe gaange sinn. Am Privatsecteur hate mer eng aner finanziell Regelung. Do hunn d'Leit dann d'Gehalt viru kritt a si hu weider cotiséiert a si konnten dann herno beim Pensiounsantrëtt e Supplément zur Pensioun kréien.

An der Fonction publique, nodeem datt mer et also elo virun e puer Méint am Privatsecteur ofgeschaaft hunn, féiere mer elo déi Dispositioun an a soen, do kënne Leit also elo bis 65 Joer weider schaffe mat enger Dispositioun, wou mer soen, si däerfen awer net méi wéi 10% vun hirem Gehalt verdénge bis se dann an d'Pensioun ginn. Dat heescht, si kréien d'Pensioun, a si däerfe bei d'Pensioun net méi bäiverdéngen wéi 10%, Här Rapporteur, wéi hiert lescht Gehalt.

D'Fro, déi sech stellt: Fir wien ass déi doten Dispositioun gemaach? Ech ka mer net virstellen, datt dat fir den normale Fonctionnaire ass, datt deen elo wëllt op eemol méi laang wéi 65 Joer schaffe goen. Ech hunn do éischter esou mäin Zweifel, Madame Minister, datt do déi Leit, déi gutt Cumulë kënne sammelen, an dat sinn der jo net esou masseg, mä mer hunn der jo awer beim Stat, déi net schlecht mat Cumulë liewen an datt déi alleguer Problemer hunn, dat gesi mer, dat si jo och déi déi um Stull kliewe bis déi lescht Stonn, wat den aktiven Alter ubelaangt, geschloen huet. Mir mengen éischter, datt dat hei eng Dispositioun ass fir déi Leit déi gutt verstanen hunn ze cumuléieren, fir datt déi elo dräi Joer méi laang kënne cumuléieren, an dofir si mer och mat där Propositioun net averstanen.

D'Nominatioun fir speziell Responsabilitéiten, dat war eng Dispositioun déi mir begréisst hunn. Mir wollte generell d'Fonction publique méi responsabiliséieren, virun allem wat d'Postes dirigeants ubelaangt, datt déi Leit dann awer och méi Pouvoir kréien a méi Responsabilitéit, méi Autonomie kréien, fir hir Verwaltunge fonctionnéieren ze loossen, an an deem Sënn si mer ëmmer dofir gewiescht, datt een déi Leit soll à durée déterminée nominéieren. Déi Dispositioun ass erausgeholl ginn. D'Regierung huet gesot, si géif kuerzfristeg e Projet de loi hei déposéieren. Mir stinn där Iddi positiv vis-à-vis. Mä ech géif awer bal haut meng Fangeren an d'Feier leeën, datt mer an dëser Legislaturperiod dëse Projet net méi wäerte stëmmen. Ech loosse mech dann enges Bessere beléieren, mä ech halen emol déi Ausso hei a menge Mémoirë fest, fir vläicht an engem Joer nach eng Kéier drop zréckzekommen.

Iwwer e Règlement grand-ducal gëtt dann och am Kader vun der EU-Direktiv festgeluecht, wou Lëtzebuerg jo och condamnéiert ginn ass, wat d'EU-Bierger sinn, déi an d'Fonction publique solle schaffe kommen.

Mir sinn als ADR selbstverständlech fir de Respekt vun den europäeschen Direktiven, mä mir sinn awer der Meenung datt een d'Fonction publique, esou wäit wéi et nëmme méiglech ass, exklusiv soll de Lëtzebuerger virbehalen. Mir halen och drop, datt skrupellos déi Bestëmmungen, wat d'Sprooch ubelaangt, wa mir net derlaanscht kommen oder wa Leit hir Kandidatur stelle fir an d'Fonction publique eranzekommen, déi eng EU-Biergerschaft awer keng Lëtzebuerger Biergerschaft hunn, datt do d'Konditioun vun der Lëtzebuerger Sprooch, dem Däitsch an dem Franséisch, muss berücksichtegt ginn, an zwar ouni Exceptioun.

Mir hunn haut schonn a Verwaltunge Leit sëtzen, déi, dat héiert ee vun anere Leit an dat huet een och selwer schonn erlieft, quasi refuséiere mat de Leit Lëtzebuergesch ze schwätzen, mä déi Franséisch mat de Leit schwätzen. Et kann net sinn, datt d'Leit sech an enger Rei vu Joren op de Verwaltungen, beim Stat oder bei Gemengen, net méi kënnen op Lëtzebuergesch ënnerhalen. Duerfir hale mir mordicus drop, datt d'Regierung do oppasst an datt do keng Exceptioune gemaach ginn. A priori Lëtzebuerger do, wou et nëmme geet, an op där anerer Säit d'Lëtzebuerger Sprooch an alle Fäll.

De Projet de loi, deen hei déposéiert ginn ass, huet a sengem Exposé des motifs bei enger Rei vu Bestëmmungen opgefouert Montanten, wat déi eenzel Dispositiounen ongefeier kaschte géifen. Wann ech och virdru gesot hunn, datt de Rapporteur e gudde schréftlechen a mëndleche Rapport gemaach huet, dann ass dat esou wäit richteg, mä ech hu just ee Schéinheetsfeeler dra fonnt, an zwar gëtt am Rapport de Käschtepunkt vun dësem Projet net opgefouert.

Mir haten eis virgestallt, datt ee gesot hätt dee Projet hei kascht de Statsbudget insgesamt an Zukunft esou an esou vill, net fir domadder iergendwéi ze soen dat wier net ze finanzéieren oder fir, wéi soll ech soen, iergendwéi Polemik domat ze maachen, mä ech fannen dass bäi all Projet, dee mir hei am Parlament stëmmen - a mir waren eis och ëmmer doriwwer eens - dobäi leie misst, wat dee Projet insgesamt kascht. Hei sti verschidden Detailer am Exposé des motifs, mä mir hu kee globale Chiffer am Rapport fonnt, wat de Projet kascht.

Fir déi Leit, déi ëmmer iwwert d'Finanzéierung vun de Pensiounsregimer am private Secteur diskutéieren, wou mir jo awer keng schlecht Reserven hunn, ass et awer wichteg, mengen ech, ze wësse wat dëse Projet kascht, well am private Secteur gëtt jo ëmmer dovu geschwat, dass mir 4% Wirtschaftswuesstum hu misste fir d'Pensioune garantéieren ze kënnen. Kee mannere wéi eise Statsminister répétéiert ëmmer erëm, datt een déi Décisioune vum Rentendësch aus finanziellen Iwwerleeungen eraus iwwerdenke misst.

Hei setze mir awer och Bestëmmunge vum Rentendësch ëm opgrond vu Propositioune vum Här Juncker senger Regierung, déi kaschten. Déi fannen och eisen Accord, mä fairerweis sollt een awer higoen a soen dee Projet de loi hei kascht esou vill, well wann een dat net mécht, da mengen ech mécht ee grad wéi wann een eppes ze verstoppen hätt an een de Leit et duerfir net soe wéilt.

Dat ass eng vun deenen Ursaachen, firwat datt mir eis och bei dësem Projet wäerten enthalen. Et ass eng ganz komplex Matière dat heiten. Dat hu mir alleguerten, déi an deene Sitzunge vun der Kommissioun dobäi waren, gemierkt, an duerfir wäre mir och frou gewiescht, mä et ass anscheinend aus materielle Grënn net richteg méiglech gewiescht, wann een hätt kënnen en Text coordonné kréie vun deenen alen an deenen neie Bestëmmungen, well et ass ganz schwéier derduerch ze gesinn.

Virdrun hat de Rapporteur gesot, wéi hien un de Volet vun de Pensioune komm ass, dat wär därmoosse komplex, hie géif dee Volet engem Spezialist iwwerloossen an dunn hat hien op den Här Meyers gewisen. A wéi den Här Meyers hei geschwat huet, du sot deen: Ech si frou, datt den Här Graas de Pensiounsvolet hei entwéckelt hat. Esou haten se allenzwee driwwer geschwat a keen hat eppes esou richteg gesot, well et einfach ganz schwéier ass an déi Matière eranzegoen, an duerfir hätt schonn en Text coordonné déi Saach sécherlech net erschwéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt eis Usiichten zu deenen eenzelne wesentleche Punkte vun dësem Gesetz hei einfach kloer virleeën an ech hunn och duerfir gesot, dass mir eis aus deenen Ursaache bei dësem Projet enthalen, wou eng Rei vun duerchaus gudde Positiounen dra sinn, mä wou awer och Saachen dra sinn, déi net eis Zoustëmmung fannen.

Ech wëll net op déi Diskussioun, déi meng Virriedner virdrun hei haten, souwuel vun der LSAP wéi vun der DP, agoen. Ech mengen, do sinn d'Leit am Land intelligent genuch fir dat eent vun deem anere ze ënnerscheeden. Op jidde Fall stelle mir fest, datt eis sozialistesch Kolleegen eng Kurskorrektur gemaach hunn no de leschte Chamberswahlen. De Kolleeg Jempy Di Bartolomeo huet de Mëtten…

***(Hilarité générale)***

…hei gesot, datt si och duerfir eng Lektioun kritt hätte bei de leschte Wahlen an duerfir ëmdisponéiert hätten.

Da ginn ech also dovunner aus, datt d'LSAP sech an esou Punkten haaptsächlech électoral orientéiert an net opgrond, wat se virun enger Rei vu Joren hei anscheinend mat Iwwerzeegung vertratt huet, wou ech hinnen awer kee Virworf maachen, well d'DP huet virun de Wahlen an no de Wahlen déi Punkten hei ëmmer électoral gekuckt.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, no all deene villen an och kloren Explicatiounen iwwert déi verschidden Neierungen am Statut vum Fonctionnaire, déi vum honorablen Här Rapporteur vun dësem Projet an och vun enger Partie Virriedner hei virbruecht goufen, gesinn ech et elo net méi hei als meng Roll un, all dës Neierungen hei nach eng Kéier ze widderhuelen a se och all ze kommentéieren. Domadder hätte mir dann och Zäit gespuert.

No dëser Schwéiergebuert, bei där bekanntlech jo schonn esou munch Punkten, déi vun der Regierung ursprünglech geplangt waren, fréizäiteg oder nach just kuerz viru Schluss avortéiert goufen, bleift en neie reduzéierte Gesetzestext iwwreg, bei deem natierlech eng Partie konkret Verbesserunge vum Statut haut solle beschloss ginn, mat deenen eigentlech jiddfereen d'accord ka sinn a mat deenen natierlech och déi Gréng d'accord sinn.

Just op eng Partie vun dëse Verbesserungen, zum Beispill op déi nei Aarbechtszäitregelungen a familljepolitesch Mesuren, op d'Reform an der Disziplinarprozedur oder d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz an op anerer wäert ech kuerz gläich zréckkommen.

Erlaabt mir awer, Dir Dammen an Dir Hären, einleitend e puer méi allgemeng Bemierkungen zur Fonction publique, zu eisem Statsapparat insgesamt ze maachen, wou de Statut vum Fonctionnaire sécher e wichtegen Aspekt ass, awer net den eenzegen.

Wa mir, wéi vun alle Säiten ëmmer erëm betount gëtt, eng modern, eng effikass an och eng biergerno Fonction publique, dat heescht staatlech Administratioune wëllen, da musse mir an eisen Aen iwwert d'Problematik vum Statut vum Statsfonctionnaire eraus duerfir suergen, datt éischtens alle Verwaltunge genuch an och zolidd motivéiert Personal zur Verfügung steet, datt zweetens nach bestehend Retarde bei der Informatiséierung opgeholl ginn an drëttens musse mir an Zukunft zesumme wachsam bleiwen, fir datt net am Kontext vun de kommende GATS-Verhandlunge bei der WTO bishereg Services publics liberaliséiert an un de Privatsecteur verschierbelt ginn.

Ech hat op esou zukünfteg eventuell Risike jo schonn am Kontext vun engem Débat d'actualité virun e puer Wochen higewisen a mir Gréng wäerten op jidde Fall an deem dote Kontext ganz wachsam bleiwen.

E Wuert just zur Personalsituatioun an zur vergaangener Rekrutéierungspolitik, wou an eisen Ae jiddefalls déi vergaangen CSV-LSAP-Regierunge kloer versot haten, well d'Resultat vun dëser defizienter Astellungspolitik, bedingt haaptsächlech duerch eng ze vill restriktiv Numerus-clausus-Politik, ass, dass zënter längerem schonn an enger ganzer Rei vu wichtege Verwaltungen e chronesche Personalmangel u qualifizéiertem Personal weiderhi virherrscht, esou datt zum Beispill och aus deem Grond

d'Dossieren do weiderhi méintelaang schleefen. Dat ass alles aneschters wéi biergerfrëndlech.

Dir Dammen an Dir Häre, de Statut vum Fonctionnaire nei ze adaptéieren an ze fixéieren ass eng Saach, eng besser Rekrutéierungspolitik op allen Niveauen, wou Problemer bestinn, ass awer zumindest grad esou wichteg, an do huet leider zum Deel och déi nei DP-Offensiv zënter 1999 bis haut nach gelappt. Ech betounen zum Deel. Wann een elo de virleiende Reformprojet ënnert d'Lupp hëlt, da muss ee scho gutt kucke fir do an iergendenger Form wierklech dee ganz grousse Worf ze entdecken, deen d'DP am Wahlkampf an duerno am Koalitiounsprogramm an Aussiicht gestallt hat.

Eng DP-Ministesch an en DP-Statssekretär vun der Fonction publique, vill Tamtam an esou munnech waarm Loft an der Regierungspress, mä an der Realitéit ass dat hei awer keng gréisser Reform an esou munch ongeléiste Problemer bleiwen doranner nach bestoen.

E puer Beispiller, fir dat ze illustréieren. Wéi ass et zum Beispill ee Joer virun de kommende Wahle mat enger Gestion moderne des postes, wou et am Accord de coalition heescht, ech zitéieren: «Une gestion moderne des postes sera mise en place.» A wéi soll déi Mise en place gemaach ginn? Ech zitéiere virun: «intégrant la confection d'organigrammes pour chaque service et une description des postes figurant dans l'organigramme.» An da gëtt gesot wat domadder gemengt ass, ech zitéieren: „Et geet ëm d'Nature des missions et attributions exercées, ëm den Niveau de responsabilité an d'Formation de l'agent devant occuper le poste."

Madame Ministesch, Här Statssekretär, esou wäit ech informéiert sinn ass dat bis elo net geschitt an et gëtt nach ëmmer keng Beschreiwung vun de Posten, wat d'Fro opwerft: Wéi eng Beamten aus wéi enger Carrière hu wéi eng Responsabilitéit? Dat huet als konkret Resultat, datt et Beamte gëtt mat méi oder manner Qualifikatiounen, déi eng Aarbecht maachen, déi net hire wierkleche Qualifikatiounen entsprécht. Et huet och als Konsequenz, datt de Risque besteet, datt déi verschidde Carrièren ënnereneen austauschbar sinn. Dat geet am Prinzip zu Laaschte vun der Carrière inférieure a moyenne. Expéditionnairë ginn et ëmmer manner. Redaktere lues awer sécher och, obschonn Der do anscheinend Wëlles hutt gréisser Rekrutéierungsefforten ze maachen.

Ëmgekéiert ginn da vill Akademiker agestallt an och vill Employéen. Näischt géint déi eng oder déi aner, esou laang awer iergendwou geschriwwe wier wie wéi eng Tâchen ze maachen huet. Wann et keng flächendeckend Beschreiwung vun de Posten a Relatioun zu deene verschiddene Carrièrë gëtt, dann ass dat an eisen Ae jiddefalls problematesch a beinhalt jiddefalls och e gewësse Risiko vum Arbitrairen. Déi feelend Jobdescription besteet iwwregens jo och scho beim Concours fir nei Fonctionnairen ze rekrutéieren.

Dir Dammen an Dir Häre, en anert klengt Beispill vun de Wahlversprieche vun der Demokratescher Partei, an zwar a Saache Carrièren a gerecht Besoldungen. Wat war an Aussiicht gestallt ginn? Ech zitéieren: „Die Entwicklung der staatlichen Laufbahnen soll auf folgende Kriterien ausgerichtet sein: Ausbildung, fachliche Kompetenz, Erfahrung, Verantwortung, Alter und Leistung. Die Einstellungspolitik, die Laufbahnentwicklung, sowie die Entlohnung der Beamten werden auf diesen Kriterien fußen. Deshalb werden wir zusammen mit allen Betroffenen eine gemäß diesen Richtlinien gerechte Besoldungspolitik definieren" - an elo kënnt dat Wichtegst -, „nicht zuletzt damit ungerechte Situationen innerhalb der Beamtenschaft des öffentlichen Dienstes in Zukunft vermieden werden können."

Dës lescht Ausso kléngt an der Theorie ganz schéin, mä si schéngt awer net ëmmer wouer ze sinn. E Beispill duerfir ass an der Carrière moyenne de Grad 13, wou et jo och de Substitutiounsgrad 13bis gëtt, deen awer éischtens nëmmen e gewësse Pourcentage vum Effectif vun der Carrière kréie kann an deen een zweetens nëmmen da kritt, wann een e Poste à responsabilité particulière huet, deen iwwer Règlement ministériel definéiert gëtt.

Et gi bekanntlech jo och Beamte mat esou engem Poste à responsabilité particulière. Si kréien duerfir awer net onbedéngt d'Pai vum Grad 13bis. En anere Beamten, deen iergendwou an engem Ministère am Grad 13 ass, huet awer vläicht kee Poste à responsabilité particulière an et steet emol keen an deem Service zur Verfügung. Elo kann et awer ganz gutt sinn, datt dëse Beamte méi Responsabilitéit huet wéi den éischte Beamten. Wat kann hien da maachen?

Éischtens hie bleift wou a wéi hien ass, dat ass eng Méiglechkeet. Zweetens: Soll hien de Service wiesselen op Käschte vum éischte Beamten? Oder drëttens gëtt op eemol gesot säi Poste wier och e Poste à responsabilité, woubäi een dann awer Kritäre misst festleeën.

Konklusioun, Dir Dammen an Dir Hären, opgrond vun dëse Beispiller: D'Problematik vun den ongerechten oder zumindest problematesche Situatiounen innerhalb vun der Fonction publique bleift och haut net ganz geléist.

An da gëtt et an dësem Reformprojet de Volet Fraen an der Fonction publique. An do gëtt et elo vill Luef an och Selbstluef vun den Auteure vum Projet iwwert dat wat anscheinend fir d'Fraeförderung gemaach gëtt. Mir froen eis allerdéngs wou dann déi spezifesch Fraeförderung an dësem Projet si soll. Wou ass déi?

Spezifesch Fraeförderung gëtt hei nämlech bewosst oder onbewosst verwiesselt an an een Dëppe gehäit mat Familljepolitik. Natierlech ass d'Aféierung vum Temps partiel vu 75, 50 a 25% eng positiv Neierung an engem familljepolitesche Sënn, vu Babyjoren a Kannererzéiung, awer fir béid Partner, fir Mann a fir Fra. Mir gesinn doranner awer keng spezifesch Fraeförderung, déi an eisen Aen awer ganz noutwendeg wier, och an der Fonction publique.

E Beispill do ass d'Carrière supérieure, wou et och haut nach ëmmer nëmme 25% Frae gëtt. Wéi wier et dann do zum Beispill mat engem konkrete Plan d'action positif mat kloer definéierten Objektiver an Aktioune fir d'Zuel vu Fraen a Führungspositiounen an d'Luucht ze dreiwen. De Fraeministère ënnerstëtzt jo esou gären Actions positives zur Fraeförderung an der Privatwirtschaft, firwat dann net genau esou an der Fonction publique?

Den 31. Mäerz 1996 gouf duerch Règlement grand-ducal de Comité interministériel de l'égalité entre hommes et femmes instituéiert. Do steet ënnert dem Punkt 4, ech zitéieren: „Le comité peut assurer l'accompagnement général du programme d'action positive de la fonction publique." Mä, Dir Dammen an Dir Hären, wou ass dann esou e Programm vu Fraeförderung an der Fonction publique? Wou gëtt et deen dann? Mä grad de Stat als Patron sollt mam gudde Beispill an eisen Ae virgoen, well wéi wëllt Der da soss erreechen, datt d'Privatwirtschaft a Saache positiver Fraeförderung op nei Weeër geet, wann de Patron Stat selwer do praktesch näischt ënnerhëlt.

Eng weider verpasste Chance ass an deem Kontext den Temps partiel, deen am Prinzip vun eis zwar absolut begréisst gëtt, mä mir gesinn awer net firwat do d'Postes à responsabilité komplett ausgeschloss bleiwe sollen. Grad och hei hätt d'Regierung d'Méiglechkeet gehat, an dat ass och vun engagéierte Fraevertriederinnen ervirgehuewe ginn, fir op nei Weeër ze goen, zum Beispill de sougenannten „job sharing", dat heescht zum Beispill zwee Leit, déi sech esou eng Responsabilitéit deelen.

Mir gesinn zum Beispill net an, firwat zwee Directeurs adjoints oder Directrices adjointes vun enger Schoul sech net sollte kënnen dës Responsabilitéit deelen. Am Ausland, an nordesche Länner oder och an der Schwäiz schéngen esou Modeller vun Job sharing ze klappen. Firwat soll dat net hei zu Lëtzebuerg méiglech sinn?

An dësem Gesamtkontext proposéiere mer duerfir och Amendementer. En éischte am Congé pour travail à mi-temps, am Artikel 31, fir do am Punkt 2 dee Paragraph ze sträichen, dee sech op dës Ausnahme beim Recht pour Congé pour travail à mi-temps bezitt.

Beim Artikel 31-1 iwwert de Service à temps partiel gëllt fir eis déiselwecht Logik. Do hätte mer dräi Amendementer ze proposéieren. En éischten Amendement fir de Punkt 1 am éischten Alinéa esou ze änneren, datt a jidder Fall den oder d'Délégués à l'égalité ëm en Avis muss oder musse gefrot ginn, an net nëmmen do wou et keng Delegatioun gëtt. En zweeten Amendement am Artikel 31-1 geet an déiselwecht Richtung wéi virdru beim Congé pour travail à mi-temps, nämlech datt do den Alinéa b vum Punkt 2 gestrach gëtt, wou et ëm d'Ausnahme geet, dat heescht ëm d'Direktiounsposten.

An da géife mer am Intérêt vum Fonctionnaire, deen ufreet, dono och nach gären e klenge Punkt dobäisetzen, e Punkt 5, wou mer soen, datt e Refus fir e Service à temps partiel ze accordéieren dem Fonctionnaire mindestens iwwert eng Lettre dûment motivée misst matgedeelt ginn. Esou wäit, Dir Dammen an Dir Hären, zu dësem Froekomplex.

En anere Problem am neie Statut stellt sech beim Recrutement an der Astellung. D'Generalisatioun vum Concours ass ouni Zweifel e positiv demokratescht Instrument, och wann d'Prozeduren alt e wéineg méi laangwiereg sinn. Elo setzt der dann awer en neie Paragraph 9 an an deem d'Regierung an exceptionnellë Situatioune soll kënnen experimentéiert Leit aus dem Privatsecteur an d'Fonction publique eranhuelen. No engem Joer als Employé de l'Etat kënnen déi Leit dann als Fonctionnaire genannt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass fir eis u sech kee Problem, wann de Patron Stat ausnahmsweis héichqualifizéiert Beamte braucht an an de Privatsecteur siche geet, woubäi bei dëse Leit da kee Concours a keng Obligation d'examen de fin de stage besteet. Mat dësen Ausnahmesituatiounen, déi kënne berechtegt sinn, kënne mir liewen. E Problem gëtt et an eisen Aen awer, wat dëse Beamten hir spéider Carrière ubetrëfft, wou e gewëssenen Arbitraire bestoe bleift, well et keng gülteg Regele gëtt wéi dës Persounen dann herno virukommen an der Carrière.

Ech verweisen do zum Beispill op folgenden Deelsaz: „Ils peuvent être dispensés par le gouvernement en conseil des limites de la bonification d'ancienneté". Dat heescht, datt et net onbedéngt esou muss sinn a Kritäre gëtt et do keng. Dësen Arbitraire ass vläicht sënnvoll fir de Patron Stat an eventuell souguer fir de concernéierte Beamte selwer, awer net onbedéngt fir den Ensembel vum Personal.

Ech kann elo hei net eng Patentléisung fir esou Fäll aus dem Aarm rëselen, wat eventuell Kritären ubetrëfft, mä do misste mer eis, mengen ech, awer nach eng Kéier zesummesetzen, fir do no Solutiounen ze sichen.

Dir Dammen an Dir Hären, och nach e puer Wuert zu enger Partie vu klengere Punkten, déi an eisen Aen natierlech an dësem Projet och positiv sinn. Do ass zum Beispill d'Reform vun der Disziplinarprozedur, wou en onofhängege Beamten elo d'Enquête soll maachen, wat an déi richteg Richtung geet. Do passéieren da wahrscheinlech net méi esou vill Formfeeler, well déi Persoun normalerweis hiren Job kennt. En plus ass et méi einfach fir de Chef vun der Verwaltung fir iwwerhaapt emol eng Prozedur anzeleeden, well wouméiglech sëtzt nämlech deen incriminéierte Beamte just am Büro niewendrun. Dës nei Prozedur fënnt also ganz kloer eis Zoustëmmung.

Positiv ass sécher zum Beispill och, datt endlech der Problematik vum Mobbing op der Aarbechtsplaz méi staark Rechnung gedroe soll ginn, an datt dat elo am Gesetz iwwert d'Sécurité au travail och fixéiert gëtt andeem d'Fonctioune vum Médecin du travail a vum Médecin de contrôle dans la fonction publique geschafe ginn.

De Gesondheetsschutz op der Aarbechtsplaz, a besonnesch preventiv Moossnamen an deem Sënn, fir datt Leit a Büroen oder Schoulen net krank ginn, sinn a mengen Aen absolut wichteg.

Grad an deene leschte Joren ass ëmmer méi heefeg bericht gi vu Bürosgebaier oder Schoulen, déi belaascht waren. Oft zum Beispill mat Asbest - wat jo eréischt viru kuerzem nach virkomm ass -, mä och mat ausgasende Chemikalien, mat Schimmelpilzen aus fiichte Maueren oder duerch schlecht funktionéiernd Klima- an Entlüftungsanlagen.

An natierlech gëtt et a gréissere Büroen och nach ëmmer de Problem, datt eng Partie Nikotinsüchteger hire Kolleegen en absolut ongesond Passivfëmmen opzwéngen, wat, a mengen Aen, aus gesondheetleche Grënn, mä och aus Grënn vu Solidaritéit an Toleranz, net akzeptabel ass an endlech ënnerbonne misst ginn.

Et gëtt, Dir Dammen an Dir Hären, an de vergaangene Joren, ëmmer méi oft vu sougenannte Büroskrankheete geschwat, vum sougenannte Sick-Building-Syndrome oder Building-related-illnesses, an d'Schadstoffbelaaschtung vu Büro a Verwaltungsgebaier oder Schoule kann a munche Fäll esou problematesch sinn, datt effektiv eng Partie Beamten, Personal oder Schoulkanner krank ginn, woubäi natierlech och déi individuell Susceptibilitéit ëmmer eng Roll do derbäi spillt.

Et wier dobäi néideg bei der Astellung vu Médecins de travails, an ech betounen d'Mehrzahl, well ech sinn do mat der Haltung vum Här Di Bartolomeo absolut averstanen, dee seet, datt dee Service misst ausgebaut ginn, datt et net ka sinn, datt do nëmmen ee Médecin de travail ass. Ech sinn also der Meenung, datt bei der Astellung dës Dokteren zum Deel mindestens iwwer eng ëmweltmedezinesch Weiderausbildung an esou Froe misste verfügen. Datselwecht wier och néideg fir d'Médecins de contrôle, am Fall vun Entscheedungen am Beräich vun Invaliditéit an der Mise en retraite, wou déi responsabel Medeziner zumindest informéiert misste sinn iwwert dës nei Krankheetsbiller, déi ech virdrun erwähnt hunn.

Nëmme wann dat an der Weiderbildung vun dësen Dokteren och assuréiert ass, mécht d'Aféierung vun dëser neier Fonctioun fir d'Sécuritéit an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz an eisen Deeg wierklech Sënn, well dat sinn haut ëmmer méi déi Problemer, déi wierklech vu Bedeitung sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ier ech elo zum Schluss kommen, wëll ech hei awer kuerz betounen, datt mir als Gréng natierlech och déi Virschléi géifen ënnerstëtze fir am Kontext vun der Rentereform parallell zu de Statsbeamten och d'Agentë vun der CFL an d'Gemengebeamten mat anzebezéien.

Zum Schluss wéilt ech eng kuerz Konklusioun zéien. Dëst Gesetz deet, an eisen Aen, glécklecherweis kengem wéi, an et ginn doranner och e puer längst iwwerfälleg Verbesserungen. Mir kréien domadder awer weder eng vill besser nach méi eng schlecht Administratioun. Dee groussen, deen dynamesche Worf allerdings, dee sech munch Leit anscheinend awer vläicht vun der DP erwaart haten, dëse grousse Worf ass allerdings ausbliwwen. Et sinn am Fong just e puer méi klenger Bréidercher gebak ginn. Et ass gutt, datt se gebak gi sinn, mä et bleiwen e puer klenger Bréidercher.

Trotzdeem ass natierlech kloer, well et awer par rapport zu der bestehender Regelung, zu dem bestehende Gesetz hei eng Partie vu Verbesserunge gëtt, déi mir och ënnerstëtzen, datt mer deem Gesetzesprojet eis Ënnerstëtzung net wäerte verweigeren. Mer wäerten also derfir stëmmen. Ech sinn zum Schluss komm a wëll just nach hei dem President eis Amendementer iwwerreechen.

Merci.

***Amendement 1***

*Amendements du groupe parlementaire DÉI GRÉNG*

*Le groupe parlementaire DÉI GRÉNG propose d'amender l'art. 31 Congé pour travail à mi-temps en supprimant le paragraphe suivant du point 2.:*

*«Peuvent bénéficier du congé pour travail à mi-temps visé par le présent paragraphe tous les fonctionnaires à l'exception de ceux énumérés aux rubriques I-Administration générale, IV-Enseignement et VII-Douanes figurant à l'annexe A de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat, pour autant que les fonctionnaires concernés assument dans leur administration soit la fonction de directeur ou de directeur adjoint, soit la direction d'une division ou d'un service, soit la fonction de directeur ou de directeur adjoint d'un établissement scolaire. Ne peuvent non plus bénéficier du congé pour travail à mi-temps visé par le présent paragraphe les fonctionnaires dirigeants de la Magistrature, de la Police et de l'Inspection Générale de la Police.»*

*Le groupe parlementaire DÉI GRÉNG propose d'amender l'art. 31-1 Service à temps partiel, comme suit:*

*De remplacer le point 1., premier alinéa*

*«1. Si l'intérêt du service le permet, le fonctionnaire peut assumer un service à temps partiel correspondant à vingt-cinq pour cent, à cinquante pour cent ou à soixante-quinze pour cent d'une tâche complète. La décision d'accorder un service à temps partiel appartient au ministre du ressort, sur avis du chef d'administration, de la représentation du personnel ou à défaut du/de la délégué-e à l'égalité entre femmes et hommes et du ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.»*

*par:*

*«1. Si l'intérêt du service le permet, le fonctionnaire peut assumer un service à temps partiel correspondant à vingt-cinq pour cent, à cinquante pour cent ou à soixante-quinze pour cent d'une tâche complète. La décision d'accorder un service à temps partiel appartient au ministre du ressort, sur avis du chef d'administration, de la représentation du personnel si elle existe, du/de la délégué-e à l'égalité entre femmes et hommes et du mi-*

*nistre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.»*

*De supprimer du point 2., l'alinéa b).*

*«b) Les fonctionnaires énumérés aux rubriques I-Administration générale, II-Magistrature, IV-Enseignement et VII-Douanes figurant à l'annexe A de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat, pour autant que les fonctionnaires concernés assument dans leur administration soit la fonction de directeur ou de directeur adjoint, soit la direction d'une division ou d'un service, soit la fonction de directeur ou de directeur adjoint d'un établissement d'enseignement scolaire de même que les fonctionnaires dirigeants de la Police et de l'Inspection Générale de la Police. »*

*Et d'ajouter un point 5. suivant:*

*«Le refus d'accorder un service à temps partiel sera communiqué au fonctionnaire concerné par lettre dûment motivée.»*

*(s.) Jean Huss, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Renée Wagener.*

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Gesetzesprojet hei huet e laange Wee hanneru sech, deen an engem vun den Avisë vun der Chambre professionnelle vun de Fonctionnairë retracéiert gëtt. De Projet ass op vill Widderstand gestouss, wat dozou gefouert huet, glécklecherweis, datt eng Rei vu Bestëmmungen erausgeholl gi sinn, opgrond vum Widderstand ënner anerem vun där Beruffskummer, vum Statsrot, awer och zum Beispill vun der Aarbechter- a Privatbeamtekummer, déi iwwregens nach hu misse streide fir hiren Avis zu deem Gesetz hei kënnen ze maachen.

Wat zum Beispill erausgeholl ginn ass, dat sinn déi Bestëmmungen, déi en zimlech onbegrenztene Réckgréff op Contrats à durée déterminée autoriséiert hätten. Dat hätt déi Bestëmmunge vun dem Gesetz iwwert d'Contrats à durée déterminée ganz schlëmm duerchlächert an hätt och kënnen e Signal si fir de Privatsecteur fir ze verlaangen dat Gesetz a Fro ze stellen.

Wat weider erausgeholl ginn ass, dat sinn och déi Bestëmmungen iwwert d'Schafung vun enger eegener zäitlech limitéierter Carrière bei héije Statsbeamten oder nach Bestëmmungen iwwer en Détachement an de Privatsecteur. De Werdegang vun deem Gesetz hei beweist och datt et méiglech ass, duerch Kritik Ännerungen ze provozéieren.

Et bleiwen trotzdeem nach eng Rei vu Bestëmmungen, déi a mengen Ae contestabel sinn, mä et sinn awer och eng Rei vu positive Bestëmmungen, vu positiven Neierungen an deem Gesetz dran.

Wat d'Astellung an d'Fonction publique ugeet, do ass virgesinn d'Altersgrenz fir an d'Fonction publique anzetrieden op 45 Joer ze erhéijen, an dann awer keng Derogatioune méi dozou ze erlaben. Ech perséinlech hunn eng Altersgrenz an der Fonction publique nach ëmmer fir falsch an ongerecht gehalen, an ech mengen och, datt et e falscht Argument ass fir ze soen, no dem Alter vun 45 Joer wier eng Carrière beim Stat finanziell net méi attraktiv. Ech fannen, datt et do net onbedéngt de pécuniairen Aspekt ass, deen zielt, mä datt grad no deem Alter ganz vill Leit, déi zum Beispill am Privatsecteur sech an der Aarbechtslosegkeet erëmfannen, qualifizéiert Leit, déi duerch hir Erfahrungen d'Verwaltunge kéinte weiderbréngen a beräicheren an do och déi néideg Sécherheet nach kéinte fannen, datt esou Leit och kéinten eng Beschäftigung beim Stat nom Alter vun 45 Joer fannen. U si gëtt offensichtlech net geduecht.

Wourun awer geduecht gëtt, dat ass fir aus dem Privatsecteur eraus méi jonk Spezialisten ze huele mat enger héijer Qualifikatioun, déi dann no enger Iwwergangszäit vun engem Joer als Employé de l'Etat direkt Statsbeamte kënne ginn, ouni anscheinend déi aner Bedingunge vun de Statsbeamten ze erfëllen, wéinstens geet dat net kloer aus dem Text eraus. D'Statsbeamtekummer seet an hirem Avis dozou: „En résumé, la porte est grande ouverte à l'arbitraire et au favoritisme".

An am schréftleche Rapport vun der Chamberkommissioun gëtt, menger Meenung no, ganz däitlech beschriwwen ëm wat et hei wierklech geet: „En effet, des experts du secteur privé permettront justement à la fonction publique de mieux s'adapter aux attentes et aux besoins du secteur privé et de notre société en général. De surcroît il n'y a aucun doute que l'expérience acquise dans le secteur privé par une personne permettra de porter un autre angle de vue sur la gestion des services et la manière de susciter la motivation du personnel." An anere Wierder, et handelt sech hei ëm dat zukünftegt Personal wat soll am Statssecteur privatwirtschaftlech Managementsmethoden aféieren.

Da wëll ech nach e puer Wuert soen zur Deelzäitaarbecht. Si ass selbstverständlech prinzipiell ze begréissen, wa se op der Fräiwëllegkeet berout, wa se op Ufro kënnt, Aarbechtszäite vu 25, 50 oder 75%. Ech hunn awer näischt derbäi fonnt, datt et och e Recht gëtt oder op d'mannst eng Méiglechkeet op eng Ëmwandlung an e ganzen Aarbechtsvertrag, wann een esou en Deelzäitaarbechtsvertrag beim Stat huet.

Wat och ze begréissen ass, dat sinn déi nei Facilitéiten, déi geschafe gi wat d'Réintegratioun an d'Fonction publique ugeet. No engem Congé aus Familljegrënn ass virgesinn, datt een do seng Plaz erëm fënnt an därselwechter Administratioun an an därselwechter Carrière. Wann een Hallefsdagcongé huet fir seng Kanner ze erzéien, da gëtt déi Hallefaarbecht, déi ee geleescht huet, als ganz Aarbecht unerkannt, wat d'Promotioun ugeet. Och kënnen déi erëm als Statsbeamten agestallt ginn, déi virun 1984, also ier déi verschidde Congéë wéinst Kannererzéiung agefouert gi sinn, hire Beruff wéinst der Kannererzéiung opginn haten.

Wann ee gesäit wat am Statssecteur alles méiglech ass, Dir Dammen an Dir Hären, wann de Wëllen do ass, haaptsächlech hei an dësem Fall am Interessi vun de Fraen, da kann ee soen, dass ee vun esou enger Situatioun natierlech nëmme kann am Privatsecteur dreemen. An dat ass, mengen ech, och e staarkt Argument fir den öffentlechen Déngscht.

Téléaarbecht, dat heescht d'Méiglechkeet en Deel vun der Aarbecht um Computer doheem ze maachen, kann an deem Kontext och eng positiv Erfahrung sinn, allerdéngs ënnert der Bedingung, datt et net dozou kënnt, datt d'Leit aus hirem normalen Aarbechtsëmfeld erausgeholl ginn an an d'Isolatioun gefouert ginn. Wann et um Prinzip berout vun der Fräiwëllegkeet, a wann et och um Prinzip berout vun der Ëmkéierbarkeet vun där Situatioun, dat heescht wann een erëm wëll schaffe goen an de Büro, datt een dat och jidder Zäit muss kënne maachen an datt een net doheem isoléiert bleift vu sengen Aarbechtskolleegen.

Wat esou Moossnamen ugeet, déi an dësem Text agefouert gi wéi den Aarbechtsdokter, de Kontrolldokter, d'Chancëgläichheetsdéléguéierten, oder Moossname géint de Mobbing op der Aarbechtsplaz, do muss een nach kucke wat esou Moossname konkret brénge wäerten. Wat de Mobbing ugeet, sinn ech ganz skeptesch, well et si keng richteg Recoursen, ausser Recours hiérarchiques do virgesinn.

A wat deen een Aarbechtsdokter ugeet fir déi vill Beschäftegt am öffentlechen Déngscht, esou deelen ech do komplett d'Meenung vum Mars Di Bartolomeo, dee virdru gesot huet, datt dat a kengem Fall duergeet, fir do eng seriö Aarbechtsmedezin duerchzeféieren, déi och wierklech konkret op der Aarbechtsplaz analyséiert wat net geet an och konkret Ännerungen eventuell am Interessi vun deene Beschäftegte ka proposéieren.

Staark kritiséiert gëtt vun der Statsbeamtekummer, dass dat stufeweist Zréckschalte vun der Aarbechtszäit virun der Pensioun, si nennen dat Altersteilzeit, net am Gesetz zréckbehale ginn ass, obschonn et 2000 bei de Lounverhandlungen accordéiert ginn ass, mä dass awer en contre-partie dofir verschidden héich Beamten, wéi d'Statsbeamtekummer selwer vermutt, sollen d'Méiglechkeet kréie bis zum Alter vun 68 Joer weiderhi beruffstäteg ze bleiwen.

Ech kommen dann op d'disziplinaresch Prozedur, wat eng weider wichteg Innovatioun an dësem Gesetz ass. Dat ass jo d'Aféierung vun engem Commissaire à la discipline, wéi een dat emol kënnt esou nennen. Dat heescht, dass esou enger Persoun an allen disziplinaresche Fäll d'Instruktioun iwwerlooss gëtt, op Ufro vun deem zoustännege Minister, an dass d'Instruktioun net méi ofhänkt vun deem direkte Chef hiérarchique vun där betraffener Persoun. Dat séchert sécherlech eng gewëssen Onofhängegkeet vis-à-vis vun der Verwaltung deene betraffene Leit zou, et séchert och eng gewëssen Uniformitéit an der Prozedur an um Fong, ënnert der Kontroll selbstverständlech vun de Verwaltungsgeriichter.

Leider bleift awer déi al Trennung bestoe wat déi ënnerschiddlech Recoursë virum Verwaltungsgeriicht ugeet. Esou bleift och weiderhi bei deene klenge Sanctiounen nëmmen e Recours en annulation, esou dass d'Verwaltungsriichter nëmmen d'Materialitéit vun de Faiten an d'Legalitéit vun de Sanctiounen ënnersiche kënnen, net awer de Gesamtkontext an deem se stattfonnt hunn an och net d'Opportunitéit vun de Sanctiounen. Dobäi fannen ech awer och kleng Affäre kënnen heiansdo vu prinzipieller Wichtegkeet sinn.

Déi Remarque bleift och richteg wann elo géint déi kleng Sanctiounen e Recours um Fong virun dem Conseil de Discipline méiglech ass, awer ëmmer nach net virun engem richtege Geriicht.

Ech sinn also der Meenung, dass de Recours au fond, wéi e bezeechnenderweis och nach genannt gëtt, de Recours en pleine juridiction virum Verwaltungsgeriicht d'Regel misst sinn en matière administrative. Leider bleift en nach ëmmer d'Ausnahm.

Déi Prozedur en matière disciplinaire ass och hybrid mat engem Conseil de discipline, deen aus zwee Riichter vum Ordre judiciaire zesummegesat ass, aus zwee Regierungsvertrieder an engem Vertrieder vun der Chambre des Fonctionnaires, mat engem dueble Recours da virun anere Riichter, vun engem aneren Ordre de juridiction, vum Ordre administratif, an ech froe mech, ob do net eng Kéier muss eng vill méi wäitgehend Reform komme mat paritéiteschen Aarbechtsgeriichter an der Fonction publique, déi de Conseil de discipline ersetzen a mat engem regelrechte kompletten Appel virun engem Geriicht.

Nach eng kleng Remarque zum Commissaire à l'instruction. Ech fannen, dass deen Délai vun zéng Deeg, fir seng Remarken zum Dossier ze maachen an eventuell e Complément d'instruction ze froen, vill ze vill kuerz ass a keng richteg Consultatioun bei enger Gewerkschaft oder bei engem Affekot méiglech mécht.

Zum Schluss nach e puer allgemeng Bemierkungen, Här President. De schréftleche Bericht schwätzt a senger Introduktioun vun den zwee antike Modeller vun der Fonction publique. E schwätzt vum griichesche Modell, dee kee besonnesche juristesche Kader fir d'Beamte virgesinn huet, mä deen op der punktueller Kollaboratioun vu Spezialiste berout huet, an e schwätzt vum réimesche Modell, deen op der Schafung vun enger spezieller Kaste berout huet, mat engem spezielle Statut, deen d'komplett Ënnerwerfung ënnert de Stat bedeit.

Zum griichesche Modell, dee jo anscheinend den Här Gusty Graas bevirzugt, fir seng Thesen hei ze ënnermaueren, wëll ech den Aristoteles zitéieren, dee gesot huet: „dass e gudde Bierger dee wier, deen esouwuel selwer gouvernéiere kënnt, wéi och wéisst sech gouvernéieren ze loossen". Och d'Politiker, Dir Dammen an Dir Hären, waren deemools nach keng Beruffspolitiker, mä si si fir gewëssen Tâchë gewielt ginn an d'Vollmacht louch an der Agora, an der Volleksversammlung.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Haut hu mer eng ganz aner Situatioun. Dofir ass och deen Hiwäis op dee griichesche Modell irrsënneg, deen hei gemaach gëtt. Haut gi wichteg Décisiounsprozesser geholl duerch ongewielte Gremien an haut léisst esouguer déi representativ Demokratie selwer keng reell Matbestëmmung zou. Dëst Gesetz gëtt ausserdeem votéiert an engem Kontext, wou an ëmmer méi Beräicher beim Stat Privatbeamten agestallt ginn, wou ëmmer méi prekariséiert Aarbechtsplazen, CAT, DAT an esou weider, beim Stat geschafe ginn, heiansdo och a Kärberäicher vum Stat.

Dat Ganzt huet näischt ze di mat der Demokratie vun Athen, déi op autonome Bierger berout huet. Dofir mengen ech och, dass deen Hiwäis do komplett falsch ass, deen den Här Graas hei gemaach huet.

Zu deem Gesetz hei wëll ech awer ofschléissend soen, dass ech et wëll stëmmen, well ech fannen, dass vu verschiddener Gewerkschaftssäit aus eng gutt Aarbecht gemaach ginn ass fir verschidde Saachen ze verhënneren, déi hätte sollen dra kommen, fir och nach Saachen ze verbesseren déi dra stinn. Ech hunn allerdéngs meng gréisste Bedenke wat d'zukünfteg Entwécklung ugeet. Ech mengen, dass do nach ganz aner Saachen op eis zoukomme wäerten, fir déi een awer net méi esou einfach ka stëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass d'Madame Ferny Nicklaus-Faber agedroen. Madame Nicklaus, Dir hutt d'Wuert.

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als éischt géing ech dem Rapporteur Gusty Graas merci soe fir déi excellent Aarbecht, déi en am Kader vum virleiende Projet de loi geleescht huet. En ass zwar net heibannen, ech huelen awer un, dass en et héiert.

Ech wëll kuerz op déi Dispositioune vum Projet agoen, déi als Objektiv hunn d'Familljeliewe mam Beruffsliewe besser ze verbannen. D'Aféierung vun engem Service à temps partiel ass, an ech zitéieren de Rapport vun der Commission de la Fonction publique, „eng vun deene wichtegste Moossname vun der Reform vum Statut vun de Statsbeamten".

Ech begréissen dës Moossnam, déi virgesäit, datt e Statsbeamten oder eng Statsbeamtin sech an Zukunft fir eng 25, 50 oder 75%eg Aarbechtszäit entscheede kann. Säit hirem Bestoe fuerdert d'Egalitéitskommissioun vun der Chamber, datt Moossname geholl solle ginn, déi et de Leit erlaben hiert Familljeliewe mam Beruffsliewen ze verbannen, an dëst esouwuel am private wéi och am öffentleche Secteur. Dës Kommissioun huet sech a quasi all Fraendebatt säit 1996 fir e flexibelen a familljenorientéierten Aarbechtsmodus agesat. Nëmmen esou kann een dem Wonsch vun allen Eltere Rechnung droen a jidderengem et erlabe säi privat a professionellt Liewen esou ze gestalten, wéi hien dat fir richteg fënnt.

De virleiende Projet begräift d'Ëmsetzung vu jorelaange Fuerderunge vun der Fraen- an Egalitéitskommissioun hei vun der Chamber. Un Hand vun dësem Projet gesäit een also, wéi wichteg d'Fraendebatte sinn, wat den Input vun Iddien ugeet. De Projet féiert verschidde konkret Aarbechsmodalitéiten oder Déngschtzäiten an, déi de Famillje wäit entgéint kommen. Beamte respektiv Beamtinnen, déi net ganzdaags schaffe wëllen oder kënnen, hunn also elo d'Méiglechkeet sech fir e 25, 50 oder 75%ege Service ze entscheeden.

Ech ka mer gutt virstellen, datt fir Mamme mat klenge Kanner e 25%ege Service eng interessant Moossnam ka sinn, déi et hinnen erlaabt sech selwer ëm d'Erzéiung vun hire Kanner ze këmmeren a gläichzäiteg weider am Beruff ze bleiwen. Fir anerer entsprécht éischter 50 oder 75% Service méi hire Virstellungen. Dës Moossnam wäert mat Sécherheet d'Beruffstätegkeet vun de Frae förderen. Doriwwer eraus huet se awer och, an dat schéngt mer esouguer méi wichteg, eng positiv Wierkung op eis Familljen, an éischter Linn op eis Kanner an natierlech op d'Frae selwer, déi manner iwwerfuerdert a gestresst wäerte sinn.

De Projet gesäit och vir, datt déi Persounen, déi sech fir e Service à temps partiel entscheeden, während zéng Joer vun de selwechte Promotiounsméiglechkeete wéi Beamten, déi à temps plein schaffen, profitéiere wäerten. Eenzeg Konditioun, et muss ee sech fir esou e Service entscheeden, wann ee sech ëm d'Erzéiung vu senge Kanner këmmere wëllt, déi manner wéi 15 Joer al sinn.

Am Hibléck op d'Gläichstellung vu Fra a Mann spillt dës Moossnam eng grouss Roll. Den Nodeel, dee vill Fraen a Kaf geholl hu wa si sech décidéiert hunn eng Famill ze grënnen a Kanner ze kréien, gëtt mat dëser Moossnam zum Deel opgehuewen.

Eng weider wichteg Moossnam, déi et de Leit erlabe soll hiert Familljeliewe mat hirem Beruff ze verbannen, ass déi déi virgesäit, datt zwee Partner zur selwechter Zäit vun engem Congé pour travail à mi-temps profitéiere kënnen. Et ginn nach eng ganz Rei vun anere Moosnamen, déi ënnert dem Zeeche vun der Promotioun vun de Fraen an der Gläichstellung téschent de Geschlechter stinn. Moossnamen, déi absolut ze begréisse sinn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Här Bodry, ech wär frou wann Der géingt e wéineg méi lues schwätzen.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Kuckt emol wéi déi aner Leit schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Déi aner sinn iwwerhaapt net do.

***(Hilarité)***

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- Da kënne si also och net schwätzen.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Kuckt emol no riets.

***(Interruption)***

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- Ech denken do zum Beispill un d'Méiglechkeet d'Fonction publique ze réintegréieren, wann ee virun 1984 opgehalen huet mat der Beruffstätegkeet, fir sech der Erzéiung vun de Kanner ze widmen. Dës Moossnam wäert wesentlech zur berufflecher Réinsertioun vun de Frae bäidroen.

Dës Réinsertioun gëtt méi einfach gemaach duerch d'Aféierung vu Recyclageméiglechkeeten. Bis elo war et esou, dass déi Beamten a Beamtinnen, déi aus familiäre Grënn opgehalen hu mat schaffen, hu missen, wa se d'Fonction publique wollte réintegréieren, nees vu vir ufänken. Mat der virleiender Reform kënnen dës Fonctionnairen hiren ale Posten erëm ophuelen, ouni mussen nach eng Kéier de Statsexamen ze maachen.

***(Coups de cloche de la Présidence et interruption)***

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, sidd elo roueg a loosst d'Madame Nicklaus schwätzen!

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- Ech ënnerbriechen lech jo och ni, Här Di Bartolomeo.

Et geet duer, datt se an d'Cours de remise à niveau ginn.

De Projet gesäit och d'Ofstëmmung vum öffentleche Secteur op de private Secteur vir, andeem en d'Fonctioun vun engem Délégué à l'égalité an der Fonction publique schaaft. Mat engem Délégué à l'égalité wäert sech d'Représentatioun vun de Fraen um Aarbechtsmaart däitlech verbesseren, ouni awer dofir d'Chancë vun de Männer a Fro ze stellen, wéi dat jo verschiddentlech hei schéngt gefäert ze ginn.

Ech hoffen, dass de virleienden Text eng grouss Zoustëmmung hei an der Chamber fanne wäert, well iwwert eng Verbesserung vum Statsbeamtestatut am Allgemengen dréit dësen Text och am Speziellen dozou bäi, d'Fraekonditioun an d'Gläichheet tëschent de Geschlechter ze ënnerstëtzen. Doriwwer eraus gëtt e virun allem de Fraen nei Perspektive fir hiert berufflecht a privat Liewen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Nicklaus. D'Wuert huet elo d'Madame Nagel.

Mme Maggy Nagel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi, déi der Madame Nicklaus elo net konnten oder net wollten nolauschteren, deene soen ech dann nach eng Kéier an anere Wierder vläicht datselwecht.

Plusieurs voix.- Ah!

Mme Maggy Nagel *(DP).*- Dat heescht a menger Interventioun wëll ech dann och méi op déi spezifesch gesellschaftlech Aspekter vun dësem Gesetzestext agoen.

An deene leschten 20 Joer huet sech eis Gesellschaft vill geännert, och wat d'Opfaassung vum Familljeliewen ugeet. Eng vun de grousse Veränneru ngen, déi d'Familljeliewe betrëfft, ass ouni Zweifel déi, dass ëmmer méi Fraen enger rémunéréierter Aktivitéit noginn, bei eis wéi an allen europäesche Länner.

Am Ufank vun de 60er Jore sinn 22% vun deenen europäesche Fraen ausserhalb vun hirem Stot schaffe gaang. Haut läit dës europäesch Moyenne bei ongefeier 45%. Den Undeel vun de Fraen tëschent 25 a 55 Joer um Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg ass am Zäitraum vun 1983 bis 1999 vu 40 op 60% geklommen. Dëst no enger Etüd vun Eurostat. Aner Chiffere vum Centre d'études de populations, de pauvreté et de politiques socio-économiques beleeën, dass zwëschent 1987 an 1996 43,9% vun den neien Aarbechtsplaze vu Frae besat gi sinn.

Haut hunn 42% vun de Fraen, déi hir Schoul ofgeschloss hunn an déi ënner 66 Joer sinn, eng professionell Aktivitéit. No rezente Chiffere vum Statec wiisst den Emploi féminin méi séier wéi dee vun de männleche Kolleegen. Wann ech elo dës Donnéeën iwwert d'Fraen um Aarbechtsmaart ernimmt hunn, dann huet dat säi Grond, well wann et ëm d'Conciliatioun vun dem Familljeliewen an dem Aarbechtsliewen geet, da läit dat nach ëmmer meeschtens bäi der Fra.

Mir sinn eis jo alleguerten eens, dass d'Famill eng essenziell Valeur vun eiser Gesellschaft ass, sief et wat d'Erzéiung vun de Kanner ugeet oder och nach d'Solidaritéit tëschent de Generatiounen. Mir sinn awer och der Meenung, dass jiddferee fräi entscheede soll, ob hie schaffe wëllt ouni jidder Contrainte, sief se finanzieller oder materieller Natur. Et kann net sinn, dass de Wonsch Kanner ze kréien a se opzezéien en Hindernis ass fir d'Entwécklung vun der Carrière vun der aktiver Fra oder dem aktive Mann. Et musse Moossname ginn, déi et am ideale Fall erlaben, dass déi zwee Membere vun enger Koppel enger professioneller Carrière nogoe kënnen, ouni zum Nodeel vun deem engen oder deem aneren ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst muss och am öffentlechen Déngscht méiglech sinn. Ech wéilt betounen, dass et net nëmmen och misst heeschen, mä virun allem, well och hei huet de Stat eng Virreiderroll ze spillen. Eng modern Fonction publique muss eng Institutioun sinn, déi oppe fir dat mënschlecht Element ass. Dëst ass vun dëser Regierung erkannt ginn an ass an hir Déclaration gouvernementale ageschriwwe ginn.

De Service à temps partiel, d'Réinsertioun vun deene Fonctionnairen, déi virun 1984 gezwonge waren hir Démissioun ze ginn, wa se sech exklusiv der Educatioun vun hire Kanner widme wollten, si wichteg Moossnamen, souguer Schlësselmoossnamen, géing ech soen, fir dass den öffentlechen Déngscht sech kann der Entwécklung vun der Gesellschaft upassen.

An der Regierungserklärung vum 12. August 1999 stoung: „Le temps de travail sera aménagé et de nouveaux modules seront introduits dans ce domaine." D'Aféierung vun der Deelzäitaarbecht ass sécher eng vun deene wichtegste Moossname vun dëser Reform vum Statut vum Fonctionnaire. Duerch d'Aféierung vun enger méiglecher Deelzäitaarbecht, wéi et schonn esou oft gesot ginn ass haut de Mëtteg, vu 25%, 50% oder 75% gëtt mam klassesche Muster vun der Tâche complète gebrach.

Ausserdeem ass virgesinn, dass all d'Congéë fir mi-temps grad wéi all Deelzäitaarbecht, déi gefrot ginn ass fir sech ëm seng Kanner, déi manner wéi 15 Joer hunn, ze këmmeren, integral considéréiert gi fir d'Promotiounen an d'duebel Echelonen, fir d'Avancementer vun den Traitementer an den Echelonen, d'Majoratioune vum Indice an och d'Recht fir bei engem Promotiounsexamen matzemaachen. Et ass selbstverständlech, dass d'Aféierung vun der Deelzäitaarbecht net de gudde Fonctionnement vum Service a Fro stellen duerf.

Et gëtt e Congé sans solde an e Congé fir Hallefzäitaarbecht no engem Congé parental agefouert, wann dësen direkt no dem Congé de maternité geholl gëtt. Et besteet ausserdeem d'Méiglechkeet, dass déi zwee Partneren, Membere vun der Fonction publique, kënnen zur gläicher Zäit e Congé fir Hallefzäitaarbecht huelen, fir sech esou d'Aufgaben an der Famill besser opdeelen ze kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass sécher dass dës Propositiounen dozou bäidroe kënnen, dass et zu engem verbesserten Equiliber kënnt zwëschent de professionelle Préoccupatioune vun de Mataarbechter an hire Suergen hiert Familljeliewen am Intérêt vu jiddferengem ze organiséieren. D'Notioun vum Télétravail ass sécherlech och an dësem Sënn.

En aneren Aspekt, deen ech wéilt a menger Interventioun ervirhiewen, ass dee vun der Réintegratioun vun deene Fonctionnairen, déi virun 1984 démissionnéiert hu fir sech der Educatioun vun hire Kanner ze widmen. Dës Fonctionnairen, wat souzesoen alleguerte Frae waren, konnten deemools nach net vun engem Dispositif vu spezielle Congéë profitéieren. No der Ännerung vum Statut brauchen déi Statsbeamten, déi an dëse Konditiounen démissionnéiert hunn, net méi d'Case départ ze huelen, dat heescht si brauchen net méi nach eng Kéier den Examen-concours ze maachen. Si kënnen elo hir Fonctioune réintegréieren, an dëst an der Situatioun vun hirer Carrière wéi se deemools war, och mat enger Garantie fir eng Réintegratioun hors cadre a mat Dépassement vun den Effektiver, dëst bei engem Joer Waardezäit.

Ausserdeem ginn d'Carrièrë vun deene Beamten, déi an der Zwëschenzäit weider Studië gemaach hunn, deem ugepasst. An alle Fäll mussen awer d'Kandidate fir eng Réintegratioun eng Formatioun vum INAP oder vun engem aneren Institut kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deene leschte Joren huet sech leider e Comportement op der Aarbechtsplaz verbreet, deen als Mobbing oder och nach moraleschen Harcèlement bekannt ass. Laut enger Etüd, déi bei méi wéi 20.000 Leit a 15 europäesche Länner agefouert ginn ass, ginn et 9% Salariéen déi der Meenung sinn, dass si ënner Mobbing leiden. Déi staatlech Verwaltunge sinn net dovunner verschount. Et ass duerfir ze begréissen, dass dëst condamnabelt Verhalen och an dësem Gesetzestext en Antrëtt fonnt huet.

Eng weider Nouveautéit besteet an der Aféierung vun engem Délégué à l'égalité an deenen Administratiounen, wou et keng Delegatioun vu Personal gëtt. Do, wou et eng Personaldelegatioun gëtt, ass et si déi dëse Volet deckt.

Zum Schluss wollt ech nach ervirhiewen, dass duerch de Rentendësch eng ganz Rei vun technesche Adaptatiounen am Pensiounswiese vun de Statsbeamten hu misse gemaach ginn, dëst haaptsächlech an deenen ënneschte Carrièren. Um Rentendësch ass jo och d'Erweiderung vun de Babyjoren décidéiert ginn. Am Fall wou d'Arechnung vun de Babyjoren net den Equivalent ergëtt wéi beim Forfait d'éducation, wat fir déi concernéiert Statsbeamten d'Alternativ ka sinn, gëtt ee Complément d'éducation agefouert. Dëst kann zumools de Fall si bei de Rente vun de Statsbeamten aus der Carrière inférieure.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et war sécher en Défi dee sech dës Regierung gestallt huet mam Virsaz den öffentlechen Déngscht un d'Evolutioun vun eiser Gesellschaft unzepassen.

Den öffentleche Secteur huet eng wichteg Plaz am Liewe vu jidderengem. Déi rapid Ännerungen, déi jidderee vun eis kennt, maachen och net virum öffentleche Secteur Halt. Et ass dofir néideg ginn déi adequat Äntwerten ze fannen op dës Changementer. Dëst ass gelongen an ech wëll all deenen, déi un dësem Projet matgewierkt hunn, félicitéieren.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Madame Nagel. Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes ageschriwwen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer e puer Wuert ze verléieren iwwert net esou vill de Projet de loi, dee mer diskutéieren, mä fir deen an e Kontext ze setze vun dem allgemenge Fonctionnement vun onser Verwaltung.

D'Globaliséierung vun der Wirtschaft, den europäesche Bannemaart, d'Ofschafe vun öffentleche Monopoler, gemäss dem Artikel 129B vum europäeschen Traité, stellen Erausfuerderungen un de Lëtzebuerger Stat. Dës Erausfuerderunge bedéngen eng Diskussioun iwwert d'Roll vum Stat an onser Gesellschaft. Mä dës Erausfuerderunge bedéngen och datt een d'Aart a Weis, wéi de Stat verwalt gëtt, a Fro stellt.

Mir mussen ons also d'Fro stelle wéi mir e modernen, zukunftsorientéierte Statsapparat sollen organiséieren, fir sech den neie wirtschaftlechen Erausfuerderungen ze stellen. An do muss een zu éischt eng Feststellung maachen. Dat ass, dass d'lëtzebuergesch Verwaltung an hiren augenblëckleche Formen archäesch ass an hir Struktur kann den neien Erausfuerderunge vun engem moderne Stat an deem neien Ëmfeld net nokommen. D'Verwaltung fousst op enger detailléierter Reglementatioun vun de Missiounen. Si baséiert op hierarchesche Kommandostrukturen an op enger exhaustiver Kontroll vun de Mëttele vun de Servicer. D'Regularitéit vun de Prozeduren ass prioritär. Kee këmmert sech ëm d'Resultater, sauf a Quantitéit an a budgetären Aufgaben.

Et ass vill vu Reform vum Stat geschwat ginn. Ënnert der virechter Regierung ass de Ministère de la Réforme administrative geschafe ginn. Et ass 1995 e Rapport vum Här Frieseisen gemaach ginn, wou verschidde Reforme virgeschloe gi sinn. Déi si vergiess ginn. Dorobberhin, wéi de Rapport fäerdeg war, ass net méi driwwer geschwat ginn. Déi nei Regierung huet och e Minister vun der Fonction publique a vun der Réforme administrative, mä et gesäit een, datt ee vill Ukënnegunge kritt huet, mä datt an der Praxis relativ wéineg realiséiert ginn ass, sauf den Accord salarial a sauf dat Gesetz, wat mer haut zur Debatt hunn.

Mä et ass geschwat gi vun enger Simplifikatioun vun den Démarches administratives, mä et gëtt keng gemaach.

D'Utilisatioun vun den neien Technologien am Kader vum e-Lëtzebuerg. Och do muss ee feststellen, datt vill dovunner geschwat gëtt, mä datt een net vill dovunner gesäit. Nach ginn et sechs Ministèren an enger Regierung, déi keen eegene Site Internet hunn, wou déi verschidden Informatiounen dem Bierger zur Verfügung gestallt ginn.

D'Marchés publics kënnen net ofgeweckelt ginn iwwert de Wee vum Internet, wéi dat am Ausland de Fall ass. An d'Regierung hat och an hirer Regierungserklärung verschidde Saachen ugereegt, déi bis elo och net gemaach sinn. Ech zitéieren den Här Statsminister: „D'Regierung wäert e globale Bilan vun de Stäerkten an de Schwächte vun der Verwaltung opstellen."

Et ass keen esou ee Bilan gemaach ginn. Et ass annoncéiert ginn, d'Biergerbüroe géingen um regionalen Niveau geschafe ginn an dofir missten d'Öffnungszäite vun de Verwaltungen iwwerkuckt ginn. Dat steet do. Mä ech weess net ob eppes amgaangen ass, mä op jidde Fall hu mer bis elo näischt gesinn.

D'Froen, déi ee sech muss stellen, dat ass wéi Lëtzebuerg, wéi ons Verwaltung an der Welt vu muer sech soll organiséieren. Datt eng Verwaltungsreform net vun haut op muer aus dem Hokuspokus entstoe kann, ass ganz evident. Mir mussen dat laangfristeg, mëttelfristeg plangen, Iwwerleeunge maachen, an erlaabt mer, Madame Minister, Här Statssekretär, Här President, fir verschidde vun deenen Iwwerleeungen hei unzebréngen.

Mir mengen, datt wann een eng Reorganisatioun vum Stat wëllt virhuelen, da misst ee fir d'éischt en neie Management public virgesinn, wou en etlech Prinzipië vun dem private Secteur missten an d'öffentlech Verwaltung afléissen. A mir mengen och, datt ee misst den Effort an de Sënn vun de Responsabilitéite vun de Fonctionnairë besser belounen, deen Ablack wou deen Effort gemaach gëtt.

Wann ee seet, verschidde Prinzipië vum private Secteur an d'öffentlech Verwaltung eranhuelen, da menge mer haaptsächlech, datt eng Verwaltung muss Resultater kënnen opweisen. Et ass wichteg, datt ee Resultater opweist, datt een, wann een e Gesetz hei an der Chamber stëmmt, dann herno no enger gewëssener Zäit kann nokucken ob dat Gesetz, wat mer gestëmmt hunn, déi Resultater bruecht huet oder net, ob et deen Effet hat, dee mer geduecht haten oder net, ob een net soll Verbesserunge maachen. An et gesäit een, datt dat an England, Holland, Frankräich beispillsweis geschitt, zu Lëtzebuerg net. Mir hu keng Verwaltung no Resultater. An et gesäit een awer och un engem ganz konkrete Beispill, wat mer ganz vill hei diskutéiert hunn, d'Pisa-Etüd, wéi wichteg et ass datt ee Resultater kritt, fir nei Iwwerleeungen ze maachen a Verbesserungen duerchzezéien.

Et gesäit een och, datt een zum Beispill Aiden distribuéiert fir de Mëttelstand, mä kee stellt sech d'Fro, ob déi Aiden da wierklech eppes bruecht hunn, sauf datt mer Sue ginn hunn u verschidde Betriber. Mä huet dat dozou bäigedroen, fir déi mëttelstänneg Betriber méi kompetitiv ze maachen? Huet dat dozou bäigedroen, fir Aarbechtsplazen ze schafen, direkt? Ass dat duerch déi Aidë geschitt oder net?

Et muss ee sech d'Fro stellen: Wat mécht de Stat a wat fir engem Gebitt? Wat soll e maachen? Wat zu wat fir enge Käschten? Mat wat fir engen Objektiver a mat wat fir enge Resultater?

Dat ass eng vun de fundamentale Reformen, déi mir ons erwaart hunn a wou mer net nëmmen de Résultat final wëlle gesinn, mä och all déi intermédiaire Resultater, fir ons hei an der Chamber ze erlaben, mat der Regierung zesummen, déi richteg Gesetzer ze maachen an onst d'Land op déi Erausfuerderunge virzebereeden.

Mir mengen, datt een niewent enger Politik vu Resultater, déi ee muss initiéieren a wou ee sech ganz gutt kann um noen Ausland inspiréieren, wou ee mengt, datt bal 80% vun den Administratiounen net esou fonctionnéieren, datt een natierlech och een zweete Prinzip muss zréckhalen, deen datt een den Administratiounen an de Servicer autonom Budgete muss ginn.

Dat ablécklecht Budgetsgesetz ass inadaptéiert. Et ass e Gesetz, wat an d'Postkutschenzäit gehéiert, mä wat net méi an eng modern Verwaltung era gehéiert. Et muss een eng nei Répartitioun vun de Mëttele virgesinn an noutwenneg Reformen duerchzéien. Ons schéngt eng vun deene wichtege Saachen ze sinn, datt een net méi e Budget huet wou sämtlech Dépenses de personnel an engem Ministère, deem vun der Fonction publique, mä datt een dat pro Service a pro Verwaltung huet, datt een da kucke kann, ob déi Mëttele richteg agesat sinn, datt ee kann och an enger Autonomie budgétai-

re dem Verwaltungschef, dem Chef de service soen, datt wann en Aspuerunge mécht, datt en dann déi Sue ka fräi verwalten, datt hien also méi mat engem eegene globale Budget ze dinn huet, wou en eng gewëssen Autonomie huet fir seng Verwaltung.

Selbstverständlech soll den Direkter oder de Chef de service dat dann net eleng verwalten, mä hie muss, fir kënnen déi néideg Resultater an Effikassitéit ze kréien, natierlech mat senge Mataarbechter schwätzen. Doduerch géing aus deem hierarchesche Management, wou et uewe bal e Generol gëtt an ënnen e puer Zaldoten, méi e participatiivt Management ginn, esou wéi mer et am private Secteur kennen a sou wéi mer et och a villen anere Länner an Europa kennen, wat dozou féiert, datt déi öffentlecher Gelder besser ugeluecht ginn a méi Effikassitéit bréngen.

Da muss een natierlech och de Servicer an den Administratiounen d'Méiglechkeet gi fir hir Responsabilitéiten ze exercéieren. Dofir menge mer, datt souwuel de Servicer wéi den Administratioune méi Responsabilitéite solle gi ginn an der Gestioun vum Personal, souwuel um Niveau vun den Engagementer, den Affektatiounen, de Promotiounen an eventuell den Entloossungen.

Et muss een dem Chef de service d'Méiglechkeet ginn, fir iwwer e globale Budget ze verfügen a fir verschidden Orientatioune selwer duerchzezéien. Et musse Rapporte gemaach ginn iwwert déi Gestioun, an och do gesäit een, datt nach net vill besteet. Verschidden Iddien aus der Kontabilitéit vum private Secteur, wéi déi vum Amortissement vu Provisioune beim Autofinanzement, mussen och an ons Iwwerleeungen era kommen, well mat der Epicierskontabilitéit, wéi mer se elo hunn, kann e moderne Stat net fonctionnéieren, speziell deen Abléck wou et an der Informatik ganz rapid évoluéiert. Et muss een och enger Verwaltung déi néideg Moyene ginn, déi néideg Souplesse ginn, an dann d'Responsabilitéit huele fir d'Gestioun vun hire Servicer an den Administratiounen esou ze maachen, datt se déi néideg Resultater kënne maachen an domadder d'Administratioun selwer méi Autonomie a méi Responsabilitéit kritt.

Dat bedéngt natierlech, Madame Ministerin, Här Statssekretär, datt den Droit budgétaire, d'Kontabilitéit vum Stat an och d'Administrativrecht deene Prinzipië sollen ugepasst ginn. Mir bleiwen och bei onser Meenung, datt mer d'Cour des Comptes mussen nach eng Kéier reforméieren, fir aus deem Organ en Organe juridictionnel ze maachen, well een domadder méi Indépendance kritt an hinnen och méi Moyene gëtt fir ze intervenéieren.

Et ass ee Prinzip och festgehale ginn, datt bei all Gesetzesprojete misst eng Note bäileien iwwert den Impact budgétaire. Dat geschitt awer an de seltenste Fäll. A mir bedaueren, datt d'Regierung a ganz ville Fäll, och an dësem Fall, keng Note d'impact budgétaire virleien huet. Dat ass eppes, wat net gutt ass. D'Chamber seet, Dir sollt hei blannemännerchers vertrauen, datt dat gutt verwalt gëtt. Mir wëssen net wéi vill et kascht. Ech mengen, dat si geféierlech Aussoe mat deene mer ons net kënnen ufrënnen.

Dann, wann ee seet, datt een eng Verwaltungsreform wëllt duerchzéien, da muss een natierlech och driwwer schwätzen, wat mer mussen um Niveau vum Statut vun der Fonction publique, um Niveau vum Fonctionnaire änneren, fir datt dee sech kann an déi nei Verwaltungsreform integréieren. Sou menge mer, datt een natierlech de Statut selwer, d'Basis vum Statut vum Fonctionnaire net soll a Fro stellen.

De Rapport Frieseisen huet eng etlech Ännerunge virgeschloe mat deene mir ons kënnen d'accord erklären a wou mer mengen, datt et de richtege Wee ass. Mä och do huet weder déi viregt Regierung nach dës Regierung iergendwéi versicht Neierungen ze maachen, fir datt beim Recrutement net nëmmen den Exame gekuckt gëtt, mä och gekuckt gëtt, ob d'Leit déi néideg Connaissancen hunn, ob si sech kënnen als Chef vun enger Verwaltung bewähren, ob se kënne mat Leit ëmgoen, Leit dirigéieren, de Service, eng Administratioun leeden. Ech mengen, dat sinn Iwwerleeungen, déi solle gemaach ginn.

Mir gesinn, datt dat an anere Länner, am Frankräich zum Beispill, fir déi verschidde Verwaltungsposten ee muss d'Ecole nationale d'administration gemaach hunn oder soss Managementcoursen. Am private Secteur geschitt dat regelméisseg. Ouni dat geet et net. Hei si verschidden Ännerungen noutwenneg.

Da menge mer och, datt d'Formation continue soll fir all Posten obligatoresch sinn, y inclus fir d'Kaderbeamten. Verschiddener maachen et, anerer maachen et net. Ech mengen, dat ass an enger Welt, déi esou séier évoluéiert, net gutt, wann een dat net systematesch ugeet.

Wann ee wëllt verschidde Responsabilitéite bei de Fonctionnairen unerkennen, wa se bereet sinn déi ze huelen, wa se bereet si Chef de service oder eng Responsabilitéit an enger Administratioun ze huelen, wa se wëllen technesch Responsabilitéiten iwwerhuelen, da misst een och d'Rémunératioun nokucken an eng Prime de fonction aféieren. Mir mengen zum Beispill, datt dee System, dee mer ablécklech hu bei den héije Fonctionnairen, fir deenen eng Rémunératioun ze ginn, datt se net an de private Secteur fortginn, wou mer dann op de Wee gi vu Cumulen, datt dat e Wee ass, deen ongesond ass an deen net ganz transparent ass.

Mir hunn et zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg gesinn, a mir hunn als ADR dat ënnerstëtzt, datt een eng Prime de fonction virgesäit fir déi Zäit, wou dee Beamte verschidde Missiounen erfëllt, a fir déi Zäit, wou en déi erfëllt, soll en déi Prime de fonction kréien. Dat wär transparent an dat géing deem onduerchsiichtege System vun de Cumulen entgéintwierken.

Da menge mer och, datt ee muss d'Mobilitéit an der Fonction publique favoriséieren. Wann ech kucken, wéi et am Frankräich geet, da gesäit een datt dee Fonctionnaire, dee sech der Administratioun zur Verfügung stellt, verschidden Avantager an Echelonen huet, wann e mutéiert gëtt. Dat encouragéiert verschidde Leit, déi et wëllen, fir nei Affektatiounen unzegoen an nei Chargen ze huelen. A wann deen neie Chef de service oder déi nei Administratioun e wëllt, dann ass do eng Méiglechkeet fir méi Souplesse an dat Ganzt eranzebréngen, an net datt een eng Mutatioun ugesäit als eng Mesure disciplinaire.

Da menge mer och, datt eng Evaluatioun vum Fonctionnaire bluttnoutwendeg ass. Mä mir wëssen alleguer, datt eng Evaluatioun vu Leit an der Fonction publique heiansdo kann zu Abüe féieren a mir hu gekuckt, wéi et dann am Ausland geet. Do ass et esou, datt wa verschidde Resultater net erreecht ginn, da kritt de Fonctionnaire d'Méiglechkeet fir Erklärungen ze ginn, déi net nëmmen dora bestinn, ob hie gutt oder schlecht geschafft huet, mä och ze soen, datt vläicht déi schlecht Resultater dorobber zréck ze féiere sinn, datt aner Saachen am Service net fonctionnéieren. Dat ergëtt e konstruktive Beitrag. Mir gesinn, datt dat bal an alle Verwaltungen an Europa geschitt, sauf hei zu Lëtzebuerg.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Da menge mer och, datt mer mussen der politescher Filière vu verschidden héije Fonctionnairen en Enn setzen. Et kann net méi esou goen, datt verschidde Leit iwwert déi politesch Filièrë ganz héich erop kommen. Dofir schéngt eis déi Iddi, déi d'Regierung hat an déi elo am Projet de loi vläicht net zréckbehale ginn ass, mä wou en neie Projet de loi komme soll, fir verschidde Missiounen à durée déterminée ze maachen, absolut wichteg ze sinn, wann een an enger Regierung verschidde Saachen duerchzéie wëllt.

Dann hat ech geduecht, datt een och misst eng Administration citoyenne kreéieren. Et ass vill dovunner geschwat ginn, mä bis elo, Här Minister, ass…

***(Brouhaha général)***

…Madame Ministerin, Här Statssekretär, vun der Regierung op deem Gebitt net vill geschitt. Ech wéilt ofschléissend festhalen, als provisoresche Bilan: D'Regierung huet eng Ministerin an e Statssekretär vun der Fonction publique, mä d'Regierung an d'Land hu kee Minister vun der Réforme administrative.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Belling agedroen. Den Här Belling huet d'Wuert.

M. Jeannot Belling *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann Der elo d'Impressioun vun engem déjà entendu kritt, dann hutt Der Iech net gëiert. Ech wëll awer soen, dass dat natierlech no esou engem excellente Rapport, wéi de Gusty Graas et gemaach huet, och bal net méiglech ass eppes Sënnvolles net ze widderhuelen.

Mat den Ëmännerungen, déi elo mat dëser Reform am Statut des fonctionnaires virgeholl ginn, gëtt de Statut also, wéi dat elo scho wierklech oft genuch betount ginn ass, un d'Gegebenheete vun eiser Zäit ugepasst. Wat heescht dat eigentlech sech de Gegebenheete vun eiser Zäit upassen? Dat heescht sech der Entwécklung vun eiser Gesellschaft, dem Entstoe vun neie Prioritéiten an Ufuerderungen, déi sech un all Eenzelne vun eis stellen, unzepassen. Hei ginn et u sech zwee Voleten, déi een, wat d'Reform vum Statut ubelaangt, getrennt betruechte kann.

Den éischte Volet ass, dass een d'Méiglechkeet kritt d'Privatliewe mam Beruffsliewe besser ofzestëmmen an och gläichzäiteg d'Méiglechkeet huet sech fräi ze entfalen. Dee Volet ass jo och scho vu menger Frëndin a Fraktiounskolleegin Maggy Nagel traitéiert ginn.

***(Brouhaha général)***

Deen anere Volet, deen awer trotzdeem net ganz lassgekoppelt vun deem éischte betruecht ka ginn, ass deen, fir den Ufuerderungen, déi vun de Bierger an der Gesellschaft am allgemengen un de Stat gestallt ginn, gerecht ze ginn. An deem Kontext schwätze mer da vun engem effiziente Stat.

Fir dat Zil ze erreechen, gi mat dëser Reform eng Rei vun neien Dispositiounen agefouert. Mä ier ech op déi Mesuren ze schwätze kommen, wëll ech awer nach Folgendes virausschécke wat d'DP schonn 1998 an hirem Orientatiounspabeier „Pour une fonction publique moderne" festgehalen hat: „Le Parti démocratique est d'avis qu'avant toutes choses, il y a lieu de conserver la qualité de notre administration et par là-même de l'ensemble de notre fonction publique. La modernisation de l'administration ne peut et ne doit pas détruire tout ce qui a fait ses preuves, mais elle réformera tout ce qui est dépassé et inapproprié."

Et ass genau dat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat mat dëser Reform geschitt. Esou ginn déi sougenannte Mataarbechtergespréicher agefouert. Wann een e Mataarbechter, an dat gëllt och fir d'Privatwirtschaft, motivéiere wëllt, da muss e sech concernéiert fillen. Eng Equipe ass bekanntlech esou staark wéi dat schwaachste Glidd. Folglech muss fir all Mataarbechter an deem Departement, egal wat fir eng Fonction oder Qualifikatioun en huet, seng Aarbechtsobjektiver definéiert sinn. Nëmmen dann entsteet aus der Zomm vun den Aktioune vun den eenzelne Mataarbechter deen noutwendegen effizienten Teamwork. Dofir sinn déi Mataarbechtergespréicher vu ganz grousser Wichtegkeet.

An deem Kontext kann een dann och d'Aféiere vum Ordre de justification ernimmen. Dësen Ordre de justification soll et erlaben, wann et néideg sollt sinn, de Beamten u seng Flichten ze erënneren. Doriwwer eraus erlaabt deen Ordre awer och eventuell Douten aus dem Wee ze raumen a gëtt dem Beamten eng reell Chance sech ze erklären. Weiderhin ass dësen Ordre de justification och e gudde Moyen, deen engem Chef d'administration d'Méiglechkeet gëtt, fir an engem fréie Stadium ze intervenéieren. Esou kann évitéiert ginn, dass eng Situatioun eng Tournure kritt, déi riskéiert op eng Procédure disciplinaire eraus ze lafen.

A puncto Procédure disciplinaire ass zréckzebehalen, dass déi Prozedur, wéi se elo festgehale ginn ass, nach méi transparent a manner komplizéiert ass.

Mat der Aféierung vum Commissaire du Gouvernement, dee chargéiert ass d'Instruktioun ze leeden, vermeit een, dass déi verschidden Autoritéiten, déi et bis elo bei enger Instruktioun gi sinn, matenaner interferéieren. Domadder ass dem Beamte säi fundamentaalt Recht op en nach méi neutralen Ëmgank vu sengem Dossier garantéiert.

Mam Projet de loi, dee mer haut an hei, sinn ech iwwerzeegt, mat enger grousser Majoritéit stëmme wäerten, gëtt och d'Fonctioun vum Médecin du travail a Médecin du contrôle agefouert. Wann der Médécine du travail hire Rôle d'Protectioun vun der Gesondheet vun de Beamten ass, dann ass de Contrôle médical dozou ugedoen d'Kontrolle fir d'Commission des Pensions an eben och am Kader vum Recrutement ze erlaben.

Här President, wa mer vun engem effiziente Stat schwätzen, da musse mer och d'Méiglechkeet hu Spezialisten aus der Privatwirtschaft ze rekrutéieren. Si kënnen e gewënnbréngenden Apport mat erabréngen, well se d'Saache vun deem anere Standpunkt aus gesinn. Bis ewell war et net evident fir e Spezialist aus dem Privatsecteur ze rekrutéieren. Mat dëser Reform gëtt also déi Méiglechkeet geschaffen, déi Recrutementer, déi awer net sollen zur Regel ginn, an éischter an exceptionellë Fäll sollen envisagéiert ginn, musse vum Regierungsrot ofgeseent ginn.

Dat éischt Joer gëtt den Expär ënnert dem Regime vum Employé de l'Etat an där Carrière agestallt, déi sengem Studium entsprécht, fir da spéider seng Nominatioun als Statsbeamten ze kréien. Wa mer scho vum Recrutement schwätzen, da wëll ech och nach ervirsträichen, dass elo allgemeng de Concours sur épreuves agefouert gëtt. Verschidde Lois-cadres hate bis elo Derogatiounen zum deem Prinzip virgesinn, déi awer mat dësem Projet de loi ofgeschaaft ginn.

Erlaabt mer och hei den Orientatiounspabeier vun der Demokratescher Partei vun 1998 an Erënnerung ze bréngen, deen zu dësem Thema Folgendes ausgesot huet: „En matière d'accès aux emplois de la Fonction publique, le Parti démocratique voudrait réitérer sa fidélité et son adhésion au principe de l'égale admissibilité ainsi qu'au principe de l'examen-concours qui, par définition, offre des garanties suffisantes contre l'arbitraire."

Weiderhi gëtt d'Limite d'âge fir d'Admission au stage, déi bis haut bei 40 Joer louch, op 45 Joer fixéiert. Mat dëser Reform gëtt och eng drëtt Chance beim Examen de promotion agefouert. No zwee Echecë konnt de Beamte sech, no der heiteger Réglementatioun, net méi presentéieren. Et ass awer eng Tatsaach, dass dat schwéier Konsequenze fir de Beamten hat, well e praktesch keng Chance méi huet a senger Carrière weider ze kommen, wat sech um finanzielle Plang extrem bemierkbar gemaach huet.

All dës Elementer droe sécherlech dann och net zu der néideger Motivatioun vum Beamte bäi. Aus deem Grond kréien also déi Beamten, déi de Promotiounsexamen zweemol net réusséiert hunn, eng weider Chance. D'Konditioun heifir ass awer, dass se en vue vun dëser leschter Chance eng Formation spéciale um INAP oder un engem aneren Institut, wéi zum Beispill der Policeschoul, absolvéiert hunn.

Eng weider Mesure, déi een ervirsträiche soll, ass déi, déi de Maintien en service bis 68 Joer erlaabt. Déi Beamten, déi also d'Limite d'âge vu 65 Joer erreecht hunn, kënnen nach dräi weider Joer schaffen, wa se dat wëllen. Dat huet den dueble Virdeel, dass déi Beamten engersäits hiren Nofolger hir Erfahrungen nach weider vermëttele kënnen an anerersäits den Iwwergank vum aktive Liewen an d'Pensioun besser géréiere kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee sech déi Mesuren, déi duerch dëse Projet de loi ëmgesat ginn, Revue passéiere léisst, muss een zu folgende Konklusioune kommen.

1. Dës Reform gëtt den Ufuerderunge vun de Beamten an de Bierger gerecht.

2. Dës Reform gëtt den Ufuerderunge vun engem moderne Stat gerecht.

3. Schlussendlech gëtt dës Reform den Ufuerderungen esou wéi den Erausfuerderunge vun eiser Zäit gerecht.

Als Ex- oder ëmmer nach Statsbeamten, Madame Minister, Här Statssekretär, wäert et mer eng grouss Éier an eng onwahrscheinlech Freed sinn, mat der Demokratescher Partei dëse Projet de loi ze stëmmen.

Ech soen Iech merci fir dee wonnerbare Projet an ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Ministesch vun der Fonction publique, d'Madame Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an ech si frou fir dee wonnerbare Projet, wéi den Här Belling en elo just tituléiert huet, fir festzestellen a fir all deene merci ze soe fir déi wonnerbar Aarbecht, déi gemaach ginn ass, fir datt mer zu deem Projet konnte kommen.

Erlaabt mer dem Rapporteur merci ze soe fir déi vill, vill Aarbecht, déi an der Kommissioun gemaach ginn ass, him, mat awer all de Membere vun der Kommissioun, wou ganz konstruktiv geschafft ginn ass an all deenen, déi hei intervenéiert sinn.

Ech mengen, et si Froen opgeworf ginn an näischt ass esou perfekt, datt een net nach kënnt Froe stellen. Dat ass esou, mä et waren awer konstruktiv Beiträg, a wann ech dat richteg verstanen hunn, gëtt dee Projet och mat enger ganz, ganz grousser Majoritéit ugeholl a vläicht, wann ech dem Här Gibéryen nach e puer Donnéeën iwwert d'finanziell Inzidenze ginn, kënnt hie sech et dann esouguer nach eng Kéier iwwerleeën.

Mä ech wëllt awer och menge Mataarbechter aus dem Ministère merci soe fir déi wonnerbar Aarbecht, déi si gemaach hunn, well déi honnerte Blieder, déi Der hei virgeluecht krut, wat de Gesetzesprojet an all déi Reglementer ubelaangt, si vun hinnen ausgeschafft ginn. Duerfir eng ganz Rei Mercien. Natierlech och e ganz grousse Merci un de Statssekretär, de Jos Schaack, dee sech ganz besonnesch ëm d'Ausaarbechtung vun deem Projet hei bekëmmert huet.

Dat gesot, stellen ech da fest, datt mer mat dem Gesetzesprojet 4891 eng ganz wichteg Säit am Statut vun de Statsbeamten nei schreiwen, awer gewëss fänke mir net bei null un, well als Base zielt nach ëmmer d'Gesetz vun 1979 wat virläit an dat sengersäits op en Text vum 18. Mee 1872 a seng Adaptatiounen opbaut.

Dëse Projet, an dat ass de Mëtteg schonn hei gesot ginn, stellt awer déi éischt gréisser Reform vum Statut vun de Statsbeamten zënter 24 Joer duer, zënter där Reform, déi vum deemolege Minister Emile Krieps 1979 inspiréiert gi war. Et ass also deemno e wichtegen Text, deen am Dialog mat villen enstanen ass. Dat huet dozou gefouert, datt et vläicht méi laang gedauert huet, mä datt mer awer och ville konstruktive Propositiounen a Kriticke Rechnung gedroen hunn.

Et ass e wichtegen Text, dee sech als Aufgab gesat huet de Statut vun der Fonction publique den Noutwendegkeeten an den Ufuerderunge vun onser Zäit unzepassen, do ze innovéieren, wou et noutwendeg a wënschenswäert ass, do ze consolidéieren, wou Bewährtes soll Bestand hunn, a virun allem sécher ze stellen, datt onst Land iwwer eng modern Verwaltung verfügt, déi et ons erlaabt d'Erausfuerderunge vun haut a vu muer unzegoen. Dat ass eng Aufgab, déi ni definitiv ofgeschloss ass an déi periodesch ëmmer nees muss op de Métier geholl ginn.

De Statut vu senge Fonctionnairen ass fir all Stat eppes Besonnesches, well fir datt eng Demokratie ka gutt fonctionnéieren a Bestand huet, fir datt eng engagéiert, effikass a loyal Verwaltung, fir datt neutral Geriichter an eng gerecht Uerdnung kënne fonctionnéieren, brauch all Gesellschaft déi Leit, déi sech dem Service public, dem Allgemengwuel verpflicht fillen an hir Aufgaben am Déngscht vun hire Matbierger mat Engagement an Integritéit ausfëllen an déi duerfir déi Rechter an awer virun allem och déi Pflichten, déi de Statut vum Fonctionnaire hinnen operleet, voll a ganz akzeptéieren an och liewen. Si stellen nämlech d'Continuitéit vum Stat duer iwwert déi demokratesch Wiesselen eraus, déi an engem demokratesche Rechtsstat normal sinn, an duerfir ebe just och d'Pflichte vun de Statsbeamten, déi vun der Integritéit, déi vun der Impartialitéit an natierlech vun der Ufuerderung, der Kompetenz an der Transparenz.

A loosse mer et net vergiessen: Eng effikass Administratioun ass e ganz wichtegen Atout fir déi ekonomesch Entwécklung vun onsem Land, well si stellt e ganz wichtege Bestanddeel vum Attrait vum Site Lëtzebuerg duer.

Mat deenen Neierungen, déi mer an dësem Projet verankert hunn, léise mir en Engagement an, dat mir an onsem Wahlprogramm agaange waren. Den Här Rippinger huet schonn doraus zitéiert. Virschléi awer, an dat ass dat Wichtegst, déi hiren Nidderschlag am Koalitiounsaccord fonnt hunn, dee mir mat der CSV ausgeaarbecht hunn. Mir sinn zesummen agetratt fir e modernen an effiziente Stat am Déngscht vum Bierger, fir eng gutt an zäitgeméiss Verwaltung, fir transparent a méiglechst einfach Regelen, fir eng gutt ausgebilte loyal a motivéiert Fonction publique. Dee Projet, deen haut hei virläit, orientéiert sech just un dëse Kritären.

D'Regierung huet och drop gehalen d'Upassung vum Statut un d'Ufuerderunge vun eiser Zäit als e Ganzt an d'Chamber ze bréngen. Dat erkläert, niewent deenen ausféierleche Consultatiounen, wéi scho gesot, déi mer mat alle Betraffene gefouert hunn, datt d'Virbereedung vun dësem Projet wuel e bësse méi Zäit kascht huet wéi am Ufank geduecht.

Duerfir läit elo awer eng Gesamtreform vum Statut vir mat als Schwéierpunkt d'Gesetz vum 16. Abrëll 1979, awer doriwwer eraus och Verbesserungen an Upassunge bei enger ganzer Rei vu Gesetzestexter: beim Gehältergesetz, beim Pensiounsgesetz a beim Mobilitéitsgesetz. Et kommen dann eben och nach déi beandrockend Zuel vun Ausféierungstexter, Reglementer, iwwer eng Dosen, wou mer eben drop gehalen hu se gläichzäiteg mam Gesetzesprojet selwer auszeschaffen an der Chamber se direkt vun Ufank un zur Informatioun ze ënnerbreeden. Op déi Manéier weess d'Chamber bei Geleeënheet vum Vote, wéi déi definitiv an detailléiert Intentioune vun der Regierung sinn, wann et duerno drëm geet déi eenzel Règlements grand-ducaux ze huelen.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt d'Regierung mat dëser Reform d'Kärstéck vun hirem Programm realiséiert huet, esou wéi et am August 1999 am Kapitel vum Ministère vun der Fonction publique an der Réforme administrative ugekënnegt gouf. D'Reform vum Beamtestatut an déi zwee Gehälterofkommesse vum Mee 2000 a Mäerz 2002 bilden nämlech am Package gekuckt de Plat de résistance vun deem, wat d'Regierung sech an der Fonction publique fir dës Legislaturperiod virgeholl hat.

Doriwwer eraus huet dës Reform vum Beamtestatut wuel net nëmmen, awer dach zu engem gudden Deel och eppes mat Verwaltungsreform ze dinn, obschonn een net op all déi Punkte kann agoen, déi den Här Henckes hei opgeworf huet. Dat eleng géing den Débat zwar hei onbedéngt justifiéieren, mä ech wëll net op alles dat agoen, well dat huet virun allem eppes mat Verwaltungsreform ze dinn.

D'Missiounen an d'Attributioune vun de Beamte sinn an enger bestänneger Entwécklung a musse sech noutgedrongen och deenen neie Gegebenheeten upassen. Ech wëll just hei als e Ganzt zitéieren, datt mer d'lescht Joer eng Ëmfro bei der ILReS gemaach hunn ebe just am Kader vun de Virstellunge vun deene Moossnamen, déi mer geholl hunn am Kader vun der Verwaltungsreform. Do ass dobäi erauskomm, datt ronn 85% vun de Lëtzebuerger ganz zefridde si mat hirer Verwaltung. Ech mengen, dat ass eng Zuel, déi een onbedéngt hei kann a muss ernimmen.

Ech wëll och hei ënnersträichen, datt eng effikass Verwaltung net gläichbedeitend mat enger plethorescher Verwaltung ass a soll sinn. Ech wëll duerfir an deem Kontext drop hiweisen, datt iwwer eng laang Period, a mir hunn Zuele vun 1985 un, den öffentleche Secteur a sengem wäiteste Sënn, also ënner Aschloss vun de Gemengen, vun der Post an och der CFL, ongeféier 12% vun allen Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg ausmécht. Domat hu mer a Prozenter vum Aarbechtsmaart ausgedréckt zesumme mat Holland dee klengsten öffentleche Secteur an der Europäescher Unioun hannert Länner wéi Frankräich, wou den öffentlechen Emploi ongeféier 24% ausmécht vun den Aarbechtsplazen oder och souguer bal 20% an der Belsch.

D'Entwécklung vun deene leschte Jore weist, datt och dat proportionellt Gewiicht vum Stat als Employeur hei am Land zréckgaangen ass. Gewëss huet dat eppes ze di mat där ganz positiver Entwécklung vum Aarbechtsmaart am Allgemengen, mä nach.

Erlaabt mer lech e puer Zuelen ze soen. Zënter dem Joer 2000 ass d'Zuel vun den aktive Fonctionnairen zu Lëtzebuerg vun 12.767 op den 1. Januar 2001 op 13.245 2002 an op 13.234 2003 geklomm. Bei de Statsemployéë waren dat an der nämlechter Period Zuele vun 3.953 op 3.591. Am Joer 2003 waren et der 3.602. Bei de Statsaarbechter gung d'Evolutioun vun 2.214 op 2.266 an dunn 2003 op 2.310, wat en Total vun 19.146 Plazen ausmécht.

Wann een elo déi nämlecht Period d'Evolutioun um Aarbechtsmaart kuckt, dann huet den allgemengen Aarbechtsmaart sech entwéckelt vun 277.000 am Joer 2001 op 281.655 am Joer 2002 an 287.817 am Joer 2003, esou datt déi reng staatlech Secteuren, wann ech nëmmen déi staatlech huelen, am Joer 2001 6,83% ausgemaach hunn, respektiv 6,78% am Joer 2002 an am Joer 2003 6,65% vun allen Aarbechtsplazen hei am Land.

Vun all deenen Zuelen nach just eng Ziffer fir awer och op een Thema ze kommen, dat ons haut vill beschäftegt huet an dat e ganz wichtege Bestanddeel vun dësem Projet de loi ass, dat ass d'Zuel vun de Fraen an der Fonction publique. Vun all deene Posten, deenen 19.146 Poste beim Stat, mat all de Secteuren dobäi, gi 46% vu Frae besat. A wann een elo eleng nëmmen d'Fonctionnairen hëlt, well hei sinn d'Employéën dobäi, hei sinn och d'Aarbechter dobäi, mä souguer nëmme bei de Fonctionnairen hu mer eng Proportioun vu 40% Fraen zu 60% Männer.

Do hu mer nach net d'Gläichheet, mä wann ee kuckt, an ech kann lech nëmmen d'Lecture recommandéiere vum Rapport d'activité vun der Fonction publique op der Säit 132, do hutt Der ganz ausféierlech opgefouert wéi an deene verschiddene Jorgäng d'Zougäng vun de Fonctionnairë sech beim Stat gemaach hunn. Bei de 50er bis 60er Jorgäng, do war et ëmmer fir zwee Männer eng Fra. Duerno huet dat ugefaangen ze wiesselen an an de 70er Jorgäng, do hate mer souguer véier, fënnef Jorgäng, wou vill méi Fraen als Fonctionnairë bei de Stat schaffe komm si wéi Männer.

Ech zitéieren Iech dat Joer, virun 30 Joer, dat sinn also déi Leit, déi elo beim Stat schaffen an 30 Joer hunn, dat war den 73er Jorgang, an do sinn 170 Männer beim Stat agestallt ginn an 205 Fraen. Dat nämlecht war och am Joer 1976, 140 Männer an 200 Fraen. Duerfir - wien huet et de Mëtten hei gesot -, wann dat do géing weidergoen, kann ee sech bei der Gläichheet eng Rei Froe stellen.

Ech muss awer och soen, datt sech nees vun den 80er Joren u méi e Gläichgewiicht agestallt huet. A wéi déi Fraen elo herno an hirer Carrière reagéieren, ob se dann och elo vun deene Konditiounen an deene Méiglechkeeten, déi mer hei zur Verfügung stellen, profitéieren, dat wäert d'Zukunft eis nach soen.

Mä well d'Proportioun - an duerfir hunn ech lech déi Zuele genannt - vun de Fraen an der Fonction publique sou héich ass, ass et duerfir och selbstverständlech, datt de Patron Stat dës wichteg Aarbechtskräfte berücksichtegt an datt hie souwuel de Beamten - an do ginn ech dem Här Huss Recht, et dréit sech ëm déi eng an déi aner - wéi och de Beamtinnen d'Méiglechkeet gëtt hire Beruff an hiert Familljeliewen sou gutt wéi méiglech mateneen ze conciliéieren, well doraus am Endeffekt gewëss méi eng leeschtungsfäeg a méi eng effizient öffentlech Fonctioun entsteet, mä awer och, an dat hoffen ech, méi eng lieweg a méi eng harmonesch Gesellschaft.



Wat sinn elo déi wesentlech Punkte vum Projet? Si sinn zwar schonn alleguer hei ernimmt ginn, mä ech wëll se vläicht nach eng Kéier ënnert engem anere Liicht hei opzielen. Mir hunn innovéiert, d'Mobilitéit tëschent dem Statsdéngst an dem Privatsecteur, awer och tëschent den Administratioune gëtt verbessert. Deelzäitaarbecht gëtt agefëiert a reglementéiert. D'Base fir d'Aféierung vum Télétravail gëtt geschaaft. Mir suerge fir méi Equitéit a Gerechtegkeet, an ech denken hei besonnesch un déi ganz Reform vun den disziplinaresche Prozeduren, déi och hei allgemeng Uklang fonnt hunn. Dat ass fir eis och e wichtegen Aspekt, well och déi beschte Fonction publique muss sech d'Méiglechkeet ginn, op eng ugepasste Manéier ze reagéieren, sollte mol vereenzelt Agenten am Laf vun der Zäit net méi sou wéi dat vun hinnen erwaart gëtt zu hirem Engagement an zu hirem Eed stoen. Dat geet u bei der Instruktioun, dat huet awer och säin Nidderschlag bei de Mataarbechtergespréicher, eng Neierung déi als Zweck huet, d'Kommunikatioun an den Dialog duerch déi verschidden hierarchesch Strukturen ze förderen. Gewëss, et läit nach net vir - wéi ee gefrot huet - datt dat obligatoresch ass, mä mir hoffen datt hei eng Incitatioun ass, déi eben zu méi Dialog an den Administratioune féiert.

An ech wëllt och nach den Ordre de justification erwähnen, eng Méiglechkeet bei méi klenge Vergehen anzewierken, ouni datt direkt de Wee vun engem Disziplinarverfahre muss ageschloe ginn.

Zu méi Gerechtegkeet dréit och bäi, datt den Accès an d'Fonction publique iwwer e generaliséierten Examen-concours sur épreuve geregelt gëtt. Et ass dëst, an onsen Aen, eng wesentlech Garantie fir eng parteipolitesch neutral a kompetent Verwaltung. Ee Punkt deen eis besonnesch um Häerz läit, well grad e klengt Land wéi Lëtzebuerg muss sech kënnen op eng stabil, eng effikass an eng loyal Fonction publique stäipen, fir seng Zukunft opzebauen.

Mir brauchen, sou wéi mer dat an onsem Wahlprogramm och gefuerdert hunn a wéi mer et am Koalitiounsaccord ageschriwwen hunn, eng Fonction publique déi d'Continuitéit assuréiert, nieft dem Pouvoir public, deen déi Impulsiounen an déi Orientatiounen, déi duerch d'demokratesch Wahle legitiméiert a sanctionnéiert ginn, ëmsetze muss.

En drëtte Punkt, deen enk mat deem viregte verbonnen ass, ass dee vun der Transparenz a betrëfft déi obligatoresch Publicatioun vun alle Posten, déi beim Stat nei ze besetze sinn, sou datt all interesséiert Kandidate kënnen um Concours an un der Sélectioun deelhuelen.

An déi véierte Part vu Mesurë gesinn ech ënnert der Iwwerschrëft vun enger besserer Conciliatioun ebe vum Familljen- a Beruffsliewen, enger laangjähreger Fuerderung vu ville Betraffenen an eng Noutwendegkeet, déi sech aus eiser gesellschaftlecher Entwécklung eraus ergëtt. Heizou gehéiert d'Méiglechkeet vun der Réintegratioun vun deene Fraen, déi virun 1984 hu missen demissionéieren, well se hir Kanner wollten erzéien.

An den Här Jempy Klein hat hei gefrot: Firwat just 1984? Mä da kënne mer dem Här Jempy Klein an dem Här Mars Di Bartolomeo vläicht soen, datt deen Datum ebe festgehale ginn ass, well et bis den 1. Januar 1984 vum Intérêt du service ofgehaange huet, wann een e Congé geholl huet, fir seng Kanner ze erzéien, duerno ass et e Recht ginn, well à la rigueur hunn d'Frae virdru missen demissionéieren, fir dat ze maachen, et huet also mat legalen Obligatiounen ze dinn.

Et gehéieren och eng ganz Rei vun Dispositiounen dozou, déi ganz sécher d'Situatioun vun alle Beamte mat Kanner, ob Fra oder Mann, wäerte wesentlech verbesseren. Déi éischt a vläicht déifgräifendst Mesure ass eng Bonifikatioun vun zéng Joer, wann een am Congé sans traitement ass, respektiv eng Bonifikatioun an der Carrière bis d'Kanner 15 Joer hunn, wann een e Congé pour travail à mi-temps oder e Service à temps partiel huet, fir sech ëm d'Kanner ze bekëmmeren. D'Bonifikatioun heescht ganz einfach konkret, datt een déi Zäit, wou een am Congé oder am Temps partiel ass, als Période d'activité de service intégral ugerechent kritt, sou gutt wat d'Avancement en traitement wéi och wat d'Promotiounen ugeet, oder och nach d'Recht fir zum Promotiounsexamen zougelooss ze ginn - mä hei huet den Här Paul-Henry Meyers eng ganz ausféierlech Duerleeung vun der Situatioun ginn, sou datt ech mech hei net nach weider muss mat deem méi technesche Volet beschäftegen. En plus gëtt d'Recht, fir no deene verschiddene Congéen erëm schaffen ze kommen, a senger Applicatioun verbessert. Och dat ass vun alle Säite begréisst ginn an ech freeë mech doriwwer.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen datt et eis alleguer bewosst ass, datt mer duerch dës Mesure, a puncto Gläichstellung vu Mann a Fra beim Stat, e ganz wichtege Schrëtt no vir gemaach hunn, well mer wëssen alleguer, datt et trotz Egalitéit beim Recrutement oder bei de Méiglechkeeten a beim Gehalt nach ëmmer op dem Punkt vun der Gläichstellung vu Mann a Fra an eise Verwaltungen awer Handlungsbedarf gëtt.

Well bis elo war et op alle Fall esou, datt déi Zäite wou d'Fraen net do waren - an et ass eben esou, datt dat zum gréissten Deel awer nach ëmmer Frae sinn, déi sech eben de Congé huele fir hir Kanner ze erzéien -, dat gouf hinnen net ugerechent an hir Kolleege sinn an der Anciennetéit an de Promotioune laanscht se gezunn. An duerfir mengen ech - och wann ee mat deem Wuert ëmmer nees soll virsiichteg ëmgoen -, datt dës Mesure awer schonn als historesch ze considéréieren ass a mir wäerten dat eben an Zukunft och nach, hoffen ech op alle Fall, gesinn. Mä ech hoffe virun allem, datt net nëmme Fraen heivu profitéiere wäerten, mä datt am Sënn vun der Gläichstellung eben och d'Pappe vun deenen heite Moossname wäerte profitéieren.

Mir hu wahrscheinlech net, an dat wäerte mer och ni erreechen, déi perfekt Gläichstellung. Dat wier och vläicht mol net erwënschenswäert, well Ënnerscheeder ginn et an déi sinn och gutt an déi sinn och schéin an déi sinn och normal, mä mir sinn awer um gudde Wee fir op d'mannst legal hei ganz grouss Hürden ze iwwerbrécken.

Dee wichtegste Schrëtt a Richtung vu besserer Conciliatioun vu Familljen- a Beruffsliewe bleiwen awer all déi Méiglechkeeten, déi duerch Deelzäitaarbecht, déi, wéi gesot, awer un den Intérêt de service gebonnen ass, geschafe ginn. Et ass gefrot ginn: Wéini gëtt dat op de Gemengen applicabel? Mä ech mengen, mir mussen deen Text elo mol fir d'éischt stëmmen an da gëtt vum Intérieur eben d'Assimiliatiounsgesetz ausgeschafft. Ech hoffen, datt dat sou schnell wéi méiglech ka geschéien an ech gesinn och u sech keng Problemer.

Ech wëllt och hei vläicht dee Volet aflechten, wou den Här Gibéryen drop higewisen huet: Wat dat kascht? Ech mengen et sinn eng ganz Rei Moossnamen, déi net ze chiffréiere sinn, well een eben net weess, wéi vill Leit, Männer oder Fraen, wëllen dann elo an Zukunft heivu Gebrauch maachen. Et ginn der awer eng Rei, déi sinn ze chiffréieren, an do sinn d'Zuelen och am Dokument dran. Zum Beispill dat, wat de ganze Volet Pensiounen, d'Opbesserunge vun de Pensiounen, ugeet, dat sinn 1,8 Milliounen Euro weider, déi een nach kéint chiffréieren; dat sinn déi dräi

nei Posten déi geschaaft ginn: de Commissaire, den Dokter an de Kontrolldokter. Ech mengen dat sinn déi wou een direkt ka soen, wat et géing kaschten, do si mer da bei eppes méi wéi zwou Milliounen. Et huet Inzidenzen, mä wou ee scho wierklech misst an de Stäre liesen, fir genau kënnen ze soen, wat et kascht. Et ass also net schlechte Wëllen, mä dat bréngen nun emol déi méi theoretesch Méiglechkeeten, déi hei ausgeschafft ginn, mat sech, datt een net haut scho ka soen, wat dat do wäert kaschten.

Souwäit, an domat wëll ech och schléissen, fir déi haaptsächlech Ännerungen, déi mer um Statut vun de Statsbeamte wëlle virhuelen. Dir gesidd, et geet eis net nëmmen ëm en neie Look oder ëm einfach usträichen, mä et ass ganz einfach déi Philosophie, déi hannert dëse Verännerunge steet, déi dem Wonsch entsprécht, de Statut un d'Ufuerderunge vun eiser Zäit unzepassen, d'Grondlag also vun enger moderner a leeschtungsfäeger Administratioun ze erhalen, am Intérêt vun onsem Land, vu senge Bierger, an awer och am Intérêt vun enger attraktiver an excellenter Fonction publique, an de Lien, deen de Fonctionnaire u säi Patron Stat bënnt, bleift erhalen, well mir gesinn doranner eng Garantie fir d'Neutralitéit an déi noutwendeg Onofhängegkeet vun der Verwaltung, grad wéi vu Stabilitéit a Continuitéit.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statssekretär vun der Fonction publique, den Här Schaack.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, perséinlech wëll ech dem Rapporteur Gusty Graas an alle Riedner hei en häerzleche merci soe fir déi interessant an op jidde Fall konstruktiv Beiträg am Kader vun den Diskussioune ronderëm de Gesetzesprojet 4891.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Leschten ze schwätzen ass an enger gewëssener Hinsicht ëmmer ondankbar. Alles wat iergendwéi ze soen ass, gouf nämlech scho virdru gesot, ausféierlech, manner ausféierlech, am Résumé oder am Detail, esou datt ech mer wierklech d'Fro stellen, wat zum Schluss nach zousätzlech iergendwéi erwähnenswäert kéint sinn.

***(Interruption)***

Ech mengen awer, datt esouguer bei enger déifgräifender a wäitreechender Reform vun deem, wat d'Spezialiste vum Genre normalerweis als Charte fondamentale vun alle Statsbeamten an hirem Aarbechtsverhältnis charakteriséieren, ech menger Aufgab awer net gerecht géif, wann ech zum Schluss net nach eng Kéier op e puer wesentlech Ännerunge kuerz géif agoen.

Eng vun deene wichtegste Mesuren an dësem Text ass mat Sécherheet d'Aféiere vum Temps partiel. Heiriwwer ass scho ganz vill geschwat ginn. Ech wëll mech dofir am Detail net domadder ofginn.

Den honorabele Mars Di Bartolomeo huet awer eng Fro gestallt an deem Kontext, wat den Enseignement primaire ubelaangt, wien do zoustänneg ass fir de Leit de Service à temps partiel ze accordéieren. Do sinn ech der Meenung, datt dat de Gemengerot ass, deen do zoustänneg ass, esou wéi dat och bei den Nominatiounen ass, an déijéineg déi esou e Service à temps partiel sollicitéieren, mussen eng Demande riichten un de Buergermeeschter, wou dann uschléissend am Conseil échevinal eng Décisioun geholl gëtt.

***(Interruption)***

Bei der Mise à la retraite, do gëtt normalerweis eng Demande gemaach un de Ministre de tutelle. Dat steet jo elo hei awer net zur Debatt. Ech hunn lech op déi Fro, déi Dir mer virdru gestallt hutt, geäntwert.

M. le Président.- Loosst dach den Här Statssekretär schwätzen; ënnerbriecht en net andauernd!

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Här President, d'Ernennung vun de sougenannten Top-Beamten nëmme méi op Zäit, Dir Dammen an Dir Hären, war jo bekanntlech e Punkt aus der Regierungserklärung vum August 1999, deen och an déi ursprünglech Versioun vum Gesetzesprojet esou ageschriwwe gi war.

Et ass dat e Mechanismus, dee mer jo schonn aus den Direktioune vun den Etablissements publics hier kennen, an deen et och zënter méi laang schonn a ville Länner vun der Europäescher Unioun gëtt. De Conseil d'Etat, Dir wësst et, hat a sengem éischten Avis eng Opposition formelle an dësem Kontext ugemellt. D'Regierung huet duerno Précisiounen iwwert deen neie Mechanismus gefrot a mir hunn och am Gesetzestext e Passage ageschriwwen, deen awer de Conseil d'Etat a sengem Avis vum 4. Abrëll net akzeptéiert huet. Dofir déi Opposition formelle.

Fir elo kuerzfristeg de Vote vum Gesetz mat all deenen anere Mesuren a Verbesserungen net a Fro ze stellen, ass d'Regierung dunn higaangen an huet deen neien Dispositif aus dem Gesetzestext 4891 erausgeholl. Dat war awer ganz kloer eng Moossnam wat d'Form ubelaangt. Erlaabt mer, Här President, noweislech drop ze insistéieren, datt d'Regierung net gewëllt ass dës Dispositioun einfach falen ze loossen. Nach am Laf vum Mount Mee wäerte mer en neie Gesetzesprojet an der Chamber déposéieren, deen an engem separaten Text dëse Problem wäert versichen ze léisen, mat weidere Propositioune fir dem Statsrot senge Bedenken entgéintzekommen, ouni awer elo vun där ursprünglecher Marschroute ofzewäichen.

D'Regierung ass nämlech der Meenung, datt iwwert dat einfacht politescht Engagement ewech et sech hei och un éischter Stell ëm e wichtegen Aspekt vu Verwaltungsreform handelt. Eis Verwaltunge sinn am 21. Jorhonnert méi wéi jee gefuerdert, der Entwécklung vun der Gesellschaft Rechnung ze droen, sech deenen ëmmer méi groussen Erwaardungen a Fuerderunge vun de Bierger an Entreprisen ze stellen, an iwwerhaapt fir virun deenen neien Technologien net Halt ze maachen. Dat ass eng Entwécklung, déi hir Spuren och an enger richteg verstaner Personalgestioun hannerléisst.

Déi Verantwortlech um héchsten Niveau vun der Verwaltungshierarchie sinn hei nämlech gefuerdert, musse méi wéi an der Vergaangenheet hire Führungsstil an hir Gestiounsmethoden dësen neien Technologien an doriwwer eraus dem gesamte Moderniséierungsprozess upassen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Reform vun der Disziplinarinstruktioun a Prozedur ugeet, wäert an der Zukunft d'Instruktioun net méi vum jeeweilege Verwaltungschef gemaach ginn, mä vun engem spezialiséierte Service dee fir déi ganz Verwaltung zoustänneg ass. Esou steet et an der Regierungserklärung, esou ass et scho méi wéi eng Kéier, och hei, ëmmer erëm gesot ginn. Mir hunn e Commissaire du gouvernement à l'instruction disciplinaire virgesi fir dës Aufgab ze iwwerhuelen.

An der Disziplinarprozedur selwer gëtt et eng wesentlech a ginn et e puer méi kleng Neierungen. De Conseil de discipline war bis dato en Organ mat konsultativem Charakter, deen en Avis ofginn huet ier de jeeweilege Minister seng Sanctioun verhaangen huet. D'Regierungserklärung schwätzt vun enger Juridictionnalisatioun vum Conseil de discipline. Deen neie Statut proposéiert konkret aus dësem Gremium en Organe de décision ze maache mat Pouvoiren, déi deene vun enger Juridictioun ähnlech sinn. Seng Décisioune wäerte sech da fir den zoustännege Minister imposéieren. Dat garantéiert fir d'Zukunft e besseren a méi onofhängegen Disziplinarsystem wéi bis elo.

Ausserdeem mécht deen neie Projet keen Ënnerscheed méi tëschent wéineger a méi bedeitende Sanctiounen, sou datt de Conseil de discipline ëmmer wäert ageschalt ginn, egal wat fir eng Sanctioun ze spriechen ass, wat awer net verhënnert, datt de Ressortminister nach ëmmer kann den Avertissement, d'Réprimande an d'Amende prononcéieren.

Erlaabt mer e puer kleng Mesurë just ze ernimme fir dëse Punkt komplett ze halen. Et ginn technesch Précisioune fir d'Sanctioun vun der Retrogradatioun, vum Changement d'administration a vun der Suspensioun vun enger Pai. D'Sanctioun vun der Retraite d'office gëtt net méi direkt Urecht op eng Pensioun vum Stat. De Cumul vun zwou a méi Sanctioune gëtt elo méiglech.

D'Zuel vun de Membere vum Conseil de discipline gëtt vu sechs op fënnef erofgesat an et kënnt en Delegéierte vun der Chambre des Fonctionnaires derbei. De Conseil de discipline setzt sech also zesummen an Zukunft aus zwee Magistraten, engem Vertrieder vum Ministère de la Fonction publique, engem Vertrieder vum Ministère d'Etat an engem Vertrieder vun der Chambre des Fonctionnaires.

De Projet féiert och de sougenannten Délégué à l'égalité an, nodeem dës Fonctioun schonn zënter 1998 am Privatsecteur besteet. Fir awer doduerch am öffentleche Secteur déi ganz administrativ Prozesser net nach méi komplizéiert ze maachen a se weider ze erschwéieren, gëtt den Délégué à l'égalité nëmmen agefouert an deene Verwaltungen a Servicer wou keng Personalvertriedung fonctionnéiert. Do, wou et eng Représentation du personnel gëtt, iwwerhëlt si d'Fonctioun vum Délégué à l'égalité. Seng Attributiounen a Missioune ginn an engem Règlement grand-ducal préciséiert. Et ass och virgesinn dem Délégué eng Dispense de service am Mount ze gi vu véier Stonnen.

Deen neie Gesetzesprojet schaaft awer och d'gesetzlech Basis vum Aarbechtsdokter am öffentleche Secteur, grad wéi och déi nei Fonctioun vum Kontrolldokter. Bekanntlech hat eng éischt Fassung vum Text d'Fonctioun vum Aarbechtsdokter schonn e puer Joer virdru virgesinn a war och deemools scho vum Statsrot a vun der Beruffschamber aviséiert ginn. De Kontrolldokter steet d'office de Verwaltungen zur Verfügung, wa Leit sech ze vill oft krank mellen, eventuell Alkohol-, respektiv Drogeproblemer hunn.

D'Fonctioun vum Kontrolldokter ass jo bekanntlech bis elo vum Dokter aus der Arméi assuméiert ginn. An hei kommen ech op eppes zréck, wat den honorable Mars Di Bartolomeo a sengen Ausféierunge presentéiert huet. Hien ass der Meenung, datt et fir d'Médecine du travail nëmme soll just ee Service ginn, dee fir all Bierger, sief dat aus dem privaten…

***(Interruptions)***

Ee Service, voilà. En huet awer gläichzäiteg geschwat dovunner, datt dat kënnt zu engem Eintopf oder engem Eenheetsbräi féieren, woumat e Recht huet.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, wann ech gelift, ech wëll den Här Statssekretär dovunner ofhale fir falsch Interpretatiounen ze maachen. Ech hu gesot, mir wäre wäit dovun ewech fir en Eintopf…

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Dir sollt net dauernd ënnerbriechen!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech kann dach den Här Statssekretär net op enger Schinn loossen, déi falsch ass.

M. le Président.- Den Här Statssekretär soll sech och net provozéiere loossen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, entschëllegt, ech wollt just dem Statssekretär soen, dass mir net fir en Eintopf antrieden, dass mir wuel d'Spezifissitéit vun deem dote Service unerkennen, mä dass mer gär hätten, dass dee Service bei der Fonction publique en ähnlech gudde Service ubitt wéi deen an der Privatwirtschaft, an dass en déiselwecht Moyene soll kréien an dass et net ka sinn, dass beim Stat ee Medeziner op 20.000 Salariéen oder Fonctionnairë kënnt an am Privatsecteur een op 5.000. Et war just e Plädoyer fir ähnlech gutt Bedingungen an der Aarbechtsmedezin ze séchere beim Stat wéi am Secteur public.

***(Interruptions diverses)***

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Dir hätt Iech direkt sollen esou kloer ausdrécken!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ma Dir wäert jo guer net heibannen!

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ma selbstverständlech!

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir waart déi ganzen Zäit dobaussen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ma dach, ech hunn dat héiere wat Der gesot hutt!

M. le Président.- Elo hu mer eng uerdentlech Diskussioun de ganze Mëtteg gehat. Firwat elo zum Schluss ufänken hei duercherneen ze schwätzen? Loosst de Statssekretär schwätzen an äntwerten op dat wat e gefrot ginn ass.

***(Interruptions)***

Also ech riichte mech hei u jiddfereen. Dir sollt elo nach e bëssen Disziplin opbréngen. Et ass jo alles kloer verlaf. D'Madame Minister huet geäntwert. De Statssekretär gëtt och Äntwert op dat wat e gefrot ginn ass. Dir sollt en net ënnerbriechen.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Merci, Här President. Ech géif hei wëllen dem honorable Mars Di Bartolomeo den Accord salarial vum 20. Mäerz 1992 an Erënnerung bréngen,…

***(Interruptions)***

Jo, dat ass ebe just ganz laang hier. Dir sot dat ganz richteg.

…dee virgesäit, dass déi noutwendeg Mesurë wat d'Sécuritéit, d'Hygiène an d'Santé au travail ubelaangt am Kader vun der Fonction publique an op Basis vun hirem partikulare Statut, dat heescht onofhängeg vum Secteur privé, soll ageféiert ginn. Mä wann Der domadder d'accord sidd, dann hutt Der jo elo vu mir och déi Explikatioun kritt. Dat ass d'Explikatioun, déi sech an dësem Kontext opdrängt.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Här Statssekretär, fuert weider.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Här President, en anere Punkt aus der Regierungserklärung vum August '99 waren déi sougenannte Mataarbechtergespréicher. Eng Dispositioun an deem Sënn gouf an den neie Statut ageschriwwen.

Mir hunn eis allerdéngs dorobber wëlle beschränken, nuren de Prinzip virzegesi vu periodeschen Entretienen tëschent Chef a Mataarbechter, fir op déi Aart a Weis den Dialog an de Servicer ze stimuléieren, do wou et guer net geet oder schlecht fonctionnéiert an iwwert dee Wee och eng verbessert Kommunikatioun ze erméiglechen an doduerch d'Motivatioun ze verbesseren.

D'Kapitel vun de Rechter a Flichte gouf op eenzelne Punkten nei geschriwwen a besser strukturéiert am Sënn vun enger gréisserer Prezisioun bei bestoenden Dispositiounen, awer och am Sënn fir dat eent oder dat anert neit Element mat eranzehuelen. Ganz besonnesch bei de Flichte sinn et zwee Punkten, déi ech wëllt ervirsträichen.

Op där enger Säit déi sougenannten Devoirs de disponibilité, déi jo och an der Regierungserklärung extra erwähnt sinn, an op där anerer Säit dee sougenannten Ordre de justificatioun, deen et an där Form och elo scho bei Arméi a Polizei gëtt.

Et geet hei drëm bei klenge Vergehen, déi net direkt kënnen oder sollen um disziplinaresche Wee sanctionnéiert ginn, eng Handhab ze hunn, fir een zur Rechenschaft ze zéien. Et denkt een hei un een, deen den Horaire mobile net respektéiert, dee mat sengen Aarbechten a Verspéidung ass an un aner Onregelméissegkeeten, déi awer besonnesch dann, wann et sech ëm Rezidivisten handelt, de Service op Dauer kënnen op d'Kopp stellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet setzt och nei Akzenter a puncto Mobilitéit vun de Statsbeamten. Un éischter Stell hu mer probéiert e Mechanismus op d'Been ze setzen, fir et ze erlaben de Passage vum Privatsecteur bei de Stat ze vereinfachen an ze erliichteren, am Fall wou d'Regierung fir e ganz spezifesche Posten e Spezialist mat enger extraer a laangjähreger Beruffserfahrung op deem Gebitt brauch. Bis elo war et nure méiglech esou Leit als Employéen ze beschäftegen an dann nach ass déi ganz Operatioun oft dorunner gescheitert, datt dee Betreffenden duerno beim Stat net genuch verdéngt huet, oder datt hien net konnt Beamte ginn. Deen neie Modell gesäit vir, datt d'Regierung fir d'éischt feststelle muss, datt bei engem vakante Posten nuren e Spezialist aus dem Privatsecteur a Fro kënnt. An deem Fall gëtt de Betreffende mat engem sougenannte Classement individuel fir ee Joer als Employé engagéiert an op deem Niveau dann no deem enge Joer als Statsbeamten definitiv engagéiert.

Wat elo d'Mobilitéit am ëmgedréinte Sënn als Passage vum Stat bei eng international Verwaltung ubelaangt, esou gouf dësen och a Form vun Détachement virgesinn, e bëssen esou wéi en ähnleche System jo och scho fir d'Riichteren agefouert gouf. Dee Betreffende gëtt an där Verwaltung wou hie bis dohinner seng ganz Carrière gemaach huet a fir déi ganz Zäitdauer vum Détachement hors cadre gesat. Op déi Aart a Weis gi seng Kolleegen a senger ursprünglecher Verwaltung an hiren Avancementer net geschiedegt.

Wat den Détachement vun engem Fonctionnaire an de Privatsecteur ugeet, esou gouf dës Méiglechkeet

opgrond vun enger Opposition formelle vum Statsrot erëm aus dem Gesetzestext erausgeholl.

Am Gesetzesprojet hu mer och eng Rei vu Korrekturen an Upassungen um bestoende System vum Changement d'administration bruecht, dee jo bekanntlech am Gesetz vum 27. Mäerz 1986 geregelt ass. Hei geet et ëm d'Mobilitéit innerhalb vun der Statsverwaltung selwer. Ech brauch hei weider net drop anzegoen, well dës Upassungen a Korrekturen eigentlech nëmmen technescher Natur sinn, a just wëllen e puer Ongereimtheeten aus dem bestoenden Text aus dem Wee raumen.

Et sinn nach eng Rei aner Mesuren derbäi, déi ech awer nëmme kuerz opziele wëllt. Zum Beispill, den allgemenge Verbuet vum Mobbing, eng Altersgrenz vu 45 Joer, déi elo am Gesetz verankert ass, eng drëtt Chance beim Promotiounsexamen, d'Generalisatioun vum Recrutement iwwert de Wee vun Examenconcours sur épreuves, de minimalen Délai vun engem Joer tëschent zwou Promotiounen an d'Veröffentlechung vun alle fräie Poste beim Stat. Kënnt leschtlech d'Méiglechkeet derbäi vum Maintien en service bis maximal 68 Joer fir d'Beamten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wëllt ech awer och nach e puer Wierder iwwert d'Modificatioun vun de Pensiounstexter verléieren, déi sech alleguer op d'Iwwerdroe vun deene Mesurë bezéien, déi am Kader vum Rentendësch décidéiert an duerno duerch d'Gesetz vum 28. Juni 2002 ëmgesat goufen.

Dës nei Mesuren am Régime général hu Korrekturen am Iwwerganksregime vun de Statsbeamten noutwendeg gemaach, déi ee kann an zwee Deeler andeelen.

Fir d'éischt emol huet et sech erwisen, datt no deene linearen Opbesserungen am allgemenge Regime d'Recheformele vum Iwwerganksregime hu missen ugepasst ginn. D'Reform vum Régime général hat bekanntlech véier Haaptaspekter, eng Revalorisatioun vun de Majorations forfaitaires, d'Aféiere vum Element 13. Mount, de Steigerungssaz vun de Majorations proportionnelles an déi stufeweis Steigerung vun de Majorations proportionnelles. D'Konsequenzen dovun op d'Prestatioun am Régime général stellen awer elo d'Date limite vum 1. Januar 1984 a Fro. Dësen Datum war jo bekanntlech vum Gesetzgeber am Joer 1998 vis-à-vis vun deene Beamte festgehale ginn, déi aus Invaliditéitsgrënn a Pensioun goungen.

Nom Gesetz vum 28. Juni 2002 war dësen Datum allerdéngs net méi oprecht ze erhalen, well den Iwwerganksregime souzesoen an alle Fäll eng duebel Rechnung huet misse maachen, dat iwwregens och um Niveau vun den Alterspensioune vun de Beamten aus enger ganzer Rei vun ënneschte Carrièren, fir hinnen op d'mannst déiselwecht Prestatioun ze garantéieren. Dës Approche setzt awer viraus, datt all Salairen, déi während enger Carrière realiséiert goufen, mussen nei opgestallt ginn, wat technesch net méiglech ass.

D'Alternativ zu enger Upassung vun dëser Date limite konnt nëmmen an enger Upassung vun der Rechnungsformel fonnt gi fir den Datum vum 1. Januar 1984 bäizebehalen an dee gebriechlechen Equiliber aus dem Joer 1998 weiderhin ze respektéieren.

Ech wëll hei just nach eng Kéier betounen, datt all dës nei Mesuren net op eng linear Augmentatioun vun alle Pensiounen am Iwwergangsregime erauskommen, mä ganz einfach net méi an net manner d'Gläichgewiicht aus dem Joer 1998 erëm rétabléieren an op déi Aart a Weis eng kohärent Applicatioun vun alle Mesurë garantéieren, déi de Législateur deemools geholl huet.

Zweetens huet d'Regierung awer och am Régime transitoire vun de Statsbeamten deene politesche Choixen an deenen allgemenge Mesurë misse Rechnung droen, déi am Kader vum Rentendësch geholl goufen, an zwar deem sougenannte Forfait d'éducation, dem Urechne vun de Babyjoren an deene bessere Cumulbestëmmungen, am Fall wou Revenuë mat der Pensioun vun engem Conjoint survivant zesummefalen. Dann ass et natierlech kloer, datt d'Urechnung vun de Babyjoren de Spezifissitéite vum Iwwergangsregime senge Regelen a senge Mécanismë muss Rechnung droen, déi jo bekanntlech anescht definéiert si wéi am Régime général.

Erlaabt mer zum Schluss vu mengen Ausféierungen nach eng lescht Bemierkung. De Moderniséierungsprozess vun der Verwaltung kann nëmme Succès hunn, wann déi ganz Beamtenschaft matmécht. Et ass grad an dës Moderniséierung, wou och de Statsbeamtestatut muss mat abezu ginn. Eng modern Verwaltung brauch e moderne Statut, e Statut deen de Leeschtungswëllen an d'Kreativitéit vu senge Mataarbechter fördert an domadder eng vun deenen éischte Viraussetzunge schaaft, fir datt d'Verwaltungsreform e Succès huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren a bieden Iech de Gesetzesprojet 4891 an der Fassung ze votéiere wéi e vun der Kommissioun vun der Fonction publique ugeholl ginn ass.

Ech wollt awer zousätzlech nach eng extrem wichteg Fro beäntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- De Contrat à durée déterminée.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- De Contrat à durée déterminée.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ah! Très bien.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et muss een hei tëschent zwou Zorte vu Kontrakten ënnerscheeden.

Éischtens Kontrakter, déi vun Ufank u fir eng Dauer vu méi wéi zwee Joer ofgeschloss gi sinn. Laut Experienz vun deene vergaangene Joren hu mer mat dëse Kontrakter prinzipiell keng Schwieregkeeten, an deem Sënn dass déi Leit, déi esou e Kontrakt ënnerschriwwen hunn, d'Zäitdauer vu méi wéi zwee Joer akzeptéiert hunn.

***(Interruption)***

Ech si jo nach net fäerdeg. Bis elo hunn dës Leit nach keng Fuerderung gestallt, e Contrat à durée indéterminée ze kréien. Am Fall, wou esou eng Fuerderung, déi par ailleurs legal ass, an Zukunft géif op eis zoukommen, da misst d'Commission d'économie et de rationalisation domadder befaasst gi fir dee Poste vun dem Fonctionnaire, deen ersat gëtt, an e Poste vun Employé ze transforméieren an esou den Employé à durée indéterminée ze engagéieren.

***(Interruption)***

Ech sinn nach net fäerdeg, wéi gesot. Loosst mech emol ausschwätzen!

M. le Président.- Loosst dach de Statssekretär schwätzen.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Ech muss allerdéngs bemierken, dass vun dem Datum vum 6. Februar 2001 un, wou d'Juridictioun gesot huet, dass een am Fall vum Remplacement vu Fonctionnairë keng Kontrakter à durée déterminée méi maachen däerft, déi méi wéi zwee Joer géifen daueren, keng esou Kontrakter méi ofgeschloss gi sinn.

Zweetens Kontrakter, déi fir eng maximal Durée vun zwee Joer ofgeschloss gi sinn, mä déi am Prinzip misste renouveléiert ginn en faveur vum Employé, well de Fonctionnaire, deen hien ersetzt, ee Congé huet, dee méi laang wéi zwee Joer ass. An dësem Fall huet d'Verwaltung dräi Alternativen.

En neien Employé mat engem frësche Contrat à durée déterminée anzestellen, mat alle Schwieregkeeten, wat dat comportéiert am Kontext vun enger neier Initiatioun. Zweetens den Délai de carence ze respektéieren an deen alen Employé no engem Délai d'attente vun engem Drëttel vun der Durée initiale vum éischte Kontrakt, dat heescht aacht Méint bei engem Kontrakt vu 24 Méint, nei ze engagéieren. Den Nodeel dobäi ass, datt d'Verwaltung aacht Méint kee Remplaçant huet. Drëttens den Employé à durée indéterminée anzestellen duerch d'Transformatioun vun engem Fonctionnaireposten an en Employésposten, wat als Nodeel huet, dass d'Effektiver vun den Employéen zu Ongonschte vun de Fonctionnairen eropgesat ginn.

Konklusioun: Wat insgesamt d'Problematik vun de Contrats à durée déterminée ugeet, esou wäerten de Ministère de la Fonction publique an de Ministère du Travail versiche gemeinsam Léisungsvirschléi ze élaboréiere fir déi Schwieregkeeten, déi sech aus der Vergaangenheet erginn, ze léisen. Zweetens, wat d'Zukunft ubelaangt wäerte mir als Ministère de la Fonction publique eng Lettre circulaire erausginn an där mer d'Verwaltunge wäerten opfuerderen d'Prozeduren ze respektéieren.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Déi misste se scho souwisou anhalen.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Dat maachen se jo.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Da bräicht Dir jo och keng Lettre circulaire.

***(Hilarité)***

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Mir maachen trotzdeem eng Circulaire à titre de rappel.

Ech kommen dann elo nach op den Amendement ze schwätzen.

***(Interruption)***

Jo, et ass am Fong en Amendement vun deene Gréngen, dee sech hei beschäftegt mat dem Congé pour travail à mi-temps, wou am Fong verlaangt gëtt dass déi Leit, déi op Postes de responsabilité sëtzen, och kéinte vun engem Congé pour travail à mi-temps bénéficiéieren.

D'Regierung ass net der Meenung, dass mer op deen dote Wee goe sollen, well mir dovunner iwwerzeegt sinn, dass wann een op engem Poste de responsabilité sëtzt, een dat permanent muss maachen. Da maacht Dir och déiselwecht Propositioune bei dem Service à temps partiel. Och beim Service à temps partiel gëllen déiselwecht Iwwerleeungen. Mir sinn also net domadder d'accord fir deene Leit, déi Verantwortung droen op deem allerieweschten Niveau, e Service à temps partiel zouzegestoen.

Da maacht Der zousätzlech nach eng Iwwerleeung, wou Der der Meenung sidd, wa keng Représentation du personnel do ass, dass dann den Délégué à l'égalité déi Verantwortung iwwerhuele misst, déi normalerweis der Délégation du personnel zousteet.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Och do wëll ech Iech soen, dass dat onrealistesch ass, well an deene meeschte Verwaltungen hutt Der eng Représentation du personnel. An deem Fall, wou et keng Représentation du personnel gëtt, an dat gesäit de Projet jo vir, muss een Délégué à l'égalité genannt ginn.

Da proposéiert Der natierlech och nach an engem zousätzlechen Amendement, dass wann ee Fonctionnaire de Service à temps partiel refuséiert kritt, dass hien do misst eng Lettre dûment motivée kréien. Ech wëll hei drun erënneren, dass beim Service à temps partiel de Verwaltungschef deejéinegen ass dee muss décidéieren, ob et iwwerhaapt a senger Verwaltung méiglech ass à temps partiel ze schaffen. Et ass kloer, dass deen Direkter iwwerhaapt eréischt reagéiert, wann hien eng Demande virleien huet. Dat heescht et ass kloer an et ass selbstverständlech, dass wann een e Bréif vun engem geschéckt kritt, dass een eng Demande mécht, een och eng Äntwert kritt. Dat, mengen ech, ass eng Selbstverständlechkeet an eis Verwaltungschefen hale sech dorunner, esou dass am Fong och déi dote Propositioun ënnert den Dësch fält. Voilà, dat wär et gewiescht.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi a stëmmen driwwer of. Den Text vum Gesetzesprojet steet am Document parlementaire 4891[9].

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Artikel I ass gelies.

***Amendement 1***

Mir hunn dozou Amendementer erakritt vum Här Jean Huss zum Artikel 31 an 31-1. Mir stëmmen dann elo iwwert déi Amendementer of.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Amendementer si verworf mat 40 Nee-, 6 Jo-Stëmmen an 11 Abstentiounen.

Domadder ass den Artikel I ugeholl an der Fassung sou wéi e vun der Kommissioun virgeschloen ass.

*Ont voté oui: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Lucien Clement), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marcel Sauber (par M. Paul-Henri Meyers), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

An da komme mer zum Artikel II.

D'Artikelen II bis IX si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4891 ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Jeannot Belling), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Georges Wohlfart), Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wier dee Punkt ofgeschloss a mir kéimen elo op de leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung vun haut, an dat sinn d'Naturalisatiounen.

## 3. Demandes en naturalisation

Ech muss dofir, wéi dat am Gesetz virgesinn ass, de Huis clos ausschwätzen.

***

De Huis clos ass erëm opgehuewen an déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 75 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. Sou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm a Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls

mat 12 Änneruge vun Nimm a Virnimm averstanen erkläert.

**Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 30 avril 2003**

AL HOWZY Amjad Polus Isho, né le 1er juillet 1969 à Duhok (Iraq), demeurant à Luxembourg

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de AL HOWZY Jacob.

ADOU Sahria Putros, née le 1er juillet 1976 à Bagdad (Iraq) demeurant à Luxembourg

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de ADOU Sarah.

ANDRADE CORREIA Ernestina, née le 9 juin 1970 à Nossa Senhora da Graça/Praia (Cap Vert), demeurant à Schifflange

BALAJ Besim, né le 20 octobre 1972 à Strellci/Decan (Yougoslavie), demeurant à Luxembourg

BENZMÜLLER Johann, né le 13 octobre 1951 à Trier (Allemagne), demeurant à Grevenmacher

BRAHIMI ELMILI Anouar, né le 24 octobre 1956 à Tunis (Tunisie), demeurant à Luxembourg

BRITO TAVARES Emidio, né le 2 août 1964 à Conceiçao (Sao Tomé e Principe), demeurant à Luxembourg

BULJUGBASIC Mihrija, née le 25 août 1965 à Novi Pazar (Yougoslavie), demeurant à Bissen

CABRAL TAVARES Antonia, née le 8 avril 1970 à Santa Catarina (Cap Vert), demeurant à Esch-sur-Alzette

CASTRO Y CHICA Eduardo, né le 23 juin 1975 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Belvaux

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de CASTRO Eduardo.

CIKOTIC Hamdija, né le 13 mai 1954 à Vrbica/Montenegro (Yougoslavie), demeurant à Rumelange

DASCALU Ion, né le 28 mars 1952 à Constanta (Roumanie), demeurant à Rodange

ALEXA Lica, née le 1er mars 1952 à Braila (Roumanie), demeurant à Rodange

DE FIGUEIREDO PEREIRA DE BASTOS Artur Miguel, né le 15 février 1973 à Pessegueiro do Vouga/Sever do Vouga (Portugal), demeurant à Frisange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de FIGUEIREDO Artur Miguel.

DE PINA FORTES Maria Elisabete, née le 16 septembre 1973 à Santa Catarina (Cap Vert), demeurant à Luxembourg

DE WATAZZI Alexis, né le 29 octobre 1941 à Casablanca (Maroc), demeurant à Luxembourg

NADIU Doina Lacrima, née le 30 avril 1957 à Timisoara (Roumanie), demeurant à Luxembourg

DEVROYE Jean-Marc Jacques, né le 8 septembre 1971 à Ixelles (Belgique), demeurant à Mamer

DJURDJEVIC Goran, né le 5 juillet 1973 à Kragujevac (Yougoslavie), demeurant à Fentange

DOS SANTOS DIAS Silvino Antonia, né le 5 juin 1974 à Sao Joao Baptista/Porto Novo (Cap Vert), demeurant à Diekirch

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de DIAS Silvino Antoine.

EMINI Vebi Sulejman, né le 12 octobre 1946 à Breca (Yougoslavie), demeurant à Remerschen

GAJIN Davor, né le 6 juin 1963 à Sarajevo (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Grevenmacher

RADOSAVLJEVIC Biljana, née le 16 octobre 1969 à Smederevo (Yougoslavie), demeurant à Grevenmacher

GENEL Mustafa Savas, né le 27 juillet 1974 à Pazar (Turquie), demeurant à Luxembourg

GONÇALVES DA CUNHA Joaquina, née le 10 septembre 1963 à Vale de Bouro/Celorico de Basto (Portugal), demeurant à Luxembourg

GULBICKI Andrzej, né le 2 janvier 1962 à Orneta (Pologne), demeurant à Schifflange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de GULBICKI André.

HAHN Norbert Hohann, né le 7 juin 1965 à St-Vith (Belgique), demeurant à Goedange

BECKER Marguerite Klara, née le 5 janvier 1961 à Reuland (Belgique), demeurant à Goedange

ILKHANI KERMANCHAHAN Iradj, né le 22 juillet 1943 à Téhéran (Iran), demeurant à Strassen

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de ILKHANI Iradj.

JOUANT Carine Denise Armande Josèphe Ghislaine, née le 26 janvier 1964 à Namur (Belgique), demeurant à Bascharage

KRAI Catherine Yvonne Raymonde, née le 27 septembre 1958 à Laxou (France), demeurant à Bereldange

LOUREIRO DOS SANTOS Ana Patricia, née le 28 juillet 1981 à Lavos/Figueira da Foz (Portugal), demeurant à Luxembourg

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de LOUREIRO Ana Patricia.

LOPES Rui Alfredo, né le 8 avril 1962 à Nossa Senhora do Rosario/Ribeira Grande (Cap Vert), demeurant à Luxembourg

MONTEIRO Isolete Maria, née le 22 janvier 1965 à Nossa Senhora do Rosario/Ribeira Grande (Cap Vert), demeurant à Luxembourg

MAAZOUZ Hafdeddine, né le 13 avril 1962 à Oujda (Maroc), demeurant à Luxembourg

MAJSTORSKI Mile, né le 24 juillet 1966 à Blatec (Macédoine), demeurant à Luxembourg

ALEKSOVA Danijela, née le 31 mars 1973 à Jakimovo (Macédoine), demeurant à Luxembourg

MAROGY Nawzad, né le 5 avril 1980 à Zakho (Iraq), demeurant à Luxembourg

MAROGY Walid, né le 1er juillet 1973 à Zakho (Iraq), demeurant à Luxembourg

MEULI Anna, née le 27 décembre 1937 à Castellana (Italie), demeurant à Luxembourg

MIANGOUILA Christian Rustique Parfait, né le 20 avril 1968 à Brazzaville (République du Congo), demeurant à Crauthem

MLADENOVSKI Venko, né le 4 février 1969 à Blatec (Macédoine), demeurant à Colmar-Berg

DUKOVSKA Marina, née le 21 mars 1974 à Pétange, demeurant à Colmar-Berg

MONTEIRO NASCIMENTO Maria Anita, née le 25 septembre 1974 à Sao Joao Baptista (Cap Vert), demeurant à Belvaux

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de NASCIMENTO Anita Maria.

MUGENGA Nabintu, née le 24 décembre 1972 à Bukavu (République démocratique du Congo), demeurant à Hesperange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de MUGENGA Marie-Noël.

NOWACZYK Sylvie, née le 1er septembre 1967 à Creutzwald (France), demeurant à Luxembourg

NSHIMBA KAPITENE WALLAY Ignace, né le 9 mars 1965 à Mbuji Mayi (République démocratique du Congo), demeurant à Esch-sur-Alzette

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de KAPITENE Ignace.

NTABALA Tshibuyi Léon, né le 21 octobre 1962 à Goma (République Démocratique du Congo), demeurant à Luxembourg

PAULINA Manuel Joao, né le 10 août 1965 à Figueiras/Sao Pedro Apostolo (Cap Vert), demeurant à Belvaux

PEDROSO RAMOS Maria Margarida, née le 18 septembre 1972 à Sao Juliao da Figueira da Foz/Figueira da Foz (Portugal), demeurant à Luxembourg

PEREIRA José Nascimento, né le 28 février 1967 à Santo Crucifixo/Ribeira Grande (Cap Vert), demeurant à Reisdorf

AFONSO FREIRE Maria de Fatima, née le 27 mai 1970 à Nossa Senhora da Luz/Sao Vicente (Cap Vert), demeurant à Reisdorf

POMA NIMA Rafael Eduardo, né le 24 décembre 1978 à Piura (Pérou), demeurant à Luxembourg

POMA QUIROGA Rafael Ricardo, né le 24 octobre 1949 à Lima (Pérou), demeurant à Luxembourg

NIMA ROSAS Martha, née le 21 mai 1953 à Chulucanas/Piura (Pérou), demeurant à Luxembourg

POPESCU Alexandra, née le 25 décembre 1959 à Bumbesti-Pitic/Novaci (Roumanie), demeurant à Luxembourg

PORTIER Myriam Georgine Betty, née le 7 novembre 1960 à Jumet (Belgique), demeurant à Koerich

REUCHER Hans Günter, né le 27 juin 1963 à Trier (Allemagne), demeurant à Soleuvre

ROMITO Giorgio, né le 14 avril 1964 à Luxembourg, demeurant à Luxembourg

RUDBACH Martin Peter Wolfgang, né le 16 mars 1967 à Butzbach (Allemagne), demeurant à Biwerbach

SAINT MÉDAR Marise Emanuella, née le 23 juillet 1964 à Glenpark/Vacoas (Ile Maurice), demeurant à Luxembourg

SAKIC Vesna, née le 1er octobre 1962 à Smederevska Palanka (Yougoslavie), demeurant à Mertert

SANCHA DA LUZ Pedro Januario, né le 25 mars 1966 à Nossa Senhora do Rosario/Ribeira Grande (Cap Vert), demeurant à Luxembourg

SAO PEDRO Esteves maio Maria Helena, née le 14 septembre 1961 à Sao Sebastiao da Pedreira/Lisboa (Portugal), demeurant à Bous

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de MAIO Marie Helena.

SERBAN Viorel Mihai, né le 14 janvier 1963 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Luxembourg

VLADOIANU Venera Didona, née le 26 octobre 1962 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Luxembourg

SILVA SOARES Derizia Helena, née le 10 août 1976 à Nossa Senhora da Luz/Sao Vicente (Cap Vert), demeurant à Luxembourg

SPAHIC Safet, né le 24 décembre 1969 à Veles (Macédoine), demeurant à Luxembourg

SVILAR Dusan, né le 16 septembre 1963 à Smederevo (Yougoslavie), demeurant à Luxembourg

TANIOS FALTAS Zarif, né le 20 janvier 1926 à Sohag (Egypte), demeurant à Dudelange

ROUPHAEL FALTAS Aida, née le 5 mai 1936 à Sohag (Egypte), demeurant à Dudelange

TONG Wing Hong, né le 21 octobre 1953 à Hong Kong (Chine), demeurant à Luxembourg

TONG Wing Yee, née le 24 juillet 1978 à Hong Kong (Chine), demeurant à Luxembourg

VALENTE VARELA Antonio Manuel, né le 5 mars 1954 à Sao Martinho do Bispo/Coimbra (Portugal), demeurant à Hautcharage

WEI Zhende, né le 23 novembre 1957 à Jiangsu (Chine), demeurant à Luxembourg

## 4. Ordre du jour

Dir Dammen an Dir Hären, haut de Moien ass d'Presidentekonferenz zesumme komm, fir den Ordre du jour ze proposéiere fir déi nächst Woch. An zwar géife mer déi nächst Woch siégéieren en Dënschden de 6. Mee um dräi Auer an en Donneschden den 8. Mee um halwer dräi.

En Dënschden de 6. Mee steet op eisem Ordre du jour d'Interpellatioun vum Här François Bausch iwwert d'Eisebunn.

An en Donneschden den 8. Mee hu mer Folgendes:

1. d'Opstellung vun enger Lëscht vun dräi Kandidate fir de Poste vum Statsconseiller;

2. eng Aktualitéitsstonn vum ADR iwwert d'Kränkt vun de Bichen;

3. de Projet de loi 4976, en Ofkommes dat Lëtzebuerg mat Ungarn a Malta iwwert den Tourismus ofgeschloss huet, a

4. de Projet de loi 5057, ee Stabilisatiounsofkommes tëschent der Europäescher Unioun a Mazedonien.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm an ech géif d'Sitzung ophiewen.

***(Fin de la séance publique à 19.42 heures)***

# MARDI, 6 MAI 2003 — 51E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Nico Loes, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. Communications
2. Accueil de M. Fidel V. Ramos, ancien Président de la République des Philippines
3. Interpellation de M. François Bausch au sujet de la politique ferroviaire

   *(Discussion générale)*
4. Dépôt d'un projet de loi
5. Interpellation de M. François Bausch au sujet de la politique ferroviaire

   *(Discussion générale - suite - Motions - Votes)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Henri Grethen et Charles Goerens, Ministres.

***(Début de la séance publique à 15.03 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Den Här Minister Grethen léisst sech entschëllegen, e kënnt e bësse méi spéit, en ass wéinst der Statsvisite zréckgehalen. Mir hu sécher all dofir vollt Verständnis.

### 1. Communications

Ech hunn Iech folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) A la demande du Ministre du Travail et de l'Emploi, Monsieur François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 2 mai 2003, le projet de règlement grand-ducal N° 5124 modifiant le règlement grand-ducal du 4 novembre 1994 concernant les prescriptions minimales de sécurité et de santé pour l'utilisation par les travailleurs au travail d'équipements de travail tel que modifié par le règlement grand-ducal du 17 août 1997.

### 2. Accueil de M. Fidel V. Ramos, ancien Président de la République des Philippines

Mesdames, Messieurs, j'ai l'honneur de saluer à la tribune de la Chambre des Députés l'ancien Président des Philippines, Monsieur Fidel V. Ramos, en viste à Luxembourg.

***(Applaudissements)***

Haut de Mëtteg steet op eiser Dagesuerdnung d'Interpellatioun vum Här François Bausch iwwert d'Eisebunn. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn agedroe bis elo: déi Häre Haupert, Zanussi, Schummer, Greisen an Urbany. D'Wuert huet den Interpellant, den honorabelen Här François Bausch.

### 3. Interpellation de M. François Bausch au sujet de la politique ferroviaire

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Här Presi-

dent, Dir Dammen an Dir Hären, iwwer 50 Joer ass d'Schinnennetz hei zu Lëtzebuerg, an et kann ee roueg soen iwwerall an Europa, ofgebaut ginn, an et hätt wuel kaum, och net deen optimisteschsten Eisebunner oder Frënd vun den Eisebunner nach virun 20 Joer sech kënne virstellen, datt ufanks vum 21. Jorhonnert endlech eppes konkret gëtt, wouvunner ufanks den 80er Joren Der nach vill gedreemt hunn, nämlech datt d'Eisebunnsnetz endlech net méi ofgebaut mä ausgebaut gëtt.

Et muss ee soen, och dës Regierung, a virun allem déi liberal Komponent vun dëser Majoritéit huet, nodeem se nach am Äifer vum 99er Wahlkampf mat Hänn a Féiss sech gewiert huet géint den Ausbau vum Schinnennetz als wichtegt Réckgrat vun engem moderne Konzept vum öffentlechen Transport, esou bal se an der Regierung war huet missen unerkennen, datt dee schonn 1993 an der Luxtraffic-Studie vun den internationalen Expäre virgeschloene massive quantitativen a qualitativen Ausbau vum öffentlechen Transport, virun allem vun der Bunn, eng absolut Noutwennegkeet fir Lëtzebuerg ass.

Projete wéi d'Ubanne vum Kierchbierg an de Findel un d'Eisebunn, oder och d'Zweegleisegkeet vun der Streck Lëtzebuerg-Péiteng, déi jo elo entre-temps schonn esouguer e Gesetzesprojet gi sinn, sinn déi éischt nei Kilometere Schinn, déi dee säit Jorzéngten applizéierte konsequenten Ofbau vun dem Streckennetz endlech stoppen. Déi Gréng begréissen dëst ausdrécklech, och wa se der Meenung sinn, datt duerch dat politescht Geplänkels vun deene leschte Jore vill wäertvoll Zäit verluer gaangen ass am Kader vum neien Ufank an der Renaissance vun der Eisebunn.

De Blocage vum Ausbau vum Eisebunnsnetz an deene leschte Joren huet net nëmmen d'Liewensqualitéit vun de Leit zolidd bëeinträchtegt, mä en huet och dozou gefouert, datt eis Ekonomie als solch ëmmer méi zolidd Nodeeler kritt huet. Déi Nodeeler sinn entretemps esou grouss ginn - an ech wäert nach drop ze schwätze kommen -, datt och ëmmer méi Kreeser wéi d'Chambre de Commerce zum Beispill oder aner Kreeser, déi éischter am Beräich Ekonomie an Handel unzesidele sinn, sech ëmmer méi staark maachen an ëmmer méi Drock maachen, fir datt de schinnegebonnene Verkéier zu Lëtzebuerg ausgebaut gëtt. Et ass zimlech kloer, datt an enger Gesellschaft wéi haut, wou alles just in time soll funktionéieren, d'Mobilitéit eng grouss Roll spillt, an dat virun allem an engem Land dat maassgeblech op engem Déngschtleeschtungssecteur opbaut.

Ech wëll awer zréckkommen op dat, wat ech am Ufank gesot hunn, nämlech op den Dram dee schonn ufanks den 80er Jore vill engagéiert Ëmweltschützer an Eisebunner haten, déi der Meenung waren, och déi Zäit schonn, datt d'Eisebunn eng Zukunft hätt an och misst hunn, an drop hiweisen, datt mer hei am Land ufanks den 80er Jore gekämpft hunn, net fir den Ausbau vum Eisebunnsnetz, mä fir d'Erhalung vun deem wat deemools bestanen huet. Dir kënnt Iech erënneren, ufanks den 80er Joren huet eng gréisser Manifestatioun zu Ëlwen stattfonnt, an et war och ugedrot gi vun de Gewerkschaften, datt géif gestreikt ginn. Dat, net fir datt d'Eisebunn sollt ausgebaut ginn, mä datt verhënnert sollt ginn, datt haut zu Ettelbréck e Prellbock géif stoen, respektiv well et soss déi Nordstreck, wéi mir se haut hunn, an déi entretemps och elektrifizéiert ginn ass, net méi géif ginn. Ech muss dat hei erwähnen, well ufanks den 80er Joren nach net esou wäit ewech ass, a fir an Erënnerung ze ruffen, wat fir ee klengkaréierte Geescht déi meescht politesch Parteien ufanks den 80er Joren nach am verkéierstechnesche Beräich oder an der Verkéierspolitik un den Dag geluecht hunn.

An haut ass et esouguer esou, muss ee feststellen, datt bedauert gëtt, datt déi Nordstreck, déi deemools gerett ginn ass, déi duerno och elektrifizéiert ginn ass, datt net derfir gesuergt ginn ass, datt se och duebelgleiseg bleift bis uewen aus an d'Éislek. A wann ech dorop zréckkommen, da wëll ech awer vläicht och emol eng Kéier dat maachen, net nëmme fir drun ze erënneren, datt 1982 déiselwecht Koalitioun um Pouvoir war wéi déi vun haut, dat heescht vill Leit vun deenen, déi haut behaapten, och an dëser Majoritéit bei deenen zwou Parteien, si géinge schonn zënter éiwech quasi antriede fir den Ausbau vum öffentlechen Transport, fir ze beleeën, datt dat nach viru guer net esou laanger Zäit nach guer net esou de Fall war, mä virun allem wëll ech awer opweisen an och nach eng Kéier beschreiwen, a wat fir engem Zoustand déi Streck deemools wierklech war, well dat ass wichteg wann een diskutéiert iwwer Investitiounspolitik bei der Eisebunn vun haut.

D'Nordstreck vun deemools war net eng modern Streck, wéi ee sech se haut virstellt, dat war eng Eisebunnsstreck wou d'Signalisatioun nach gréisstendeels mat Pëtrolskänkië funktionéiert huet, dat war eng Streck wou d'Weichen op der Streck meeschtens nach mechanesch mat laangen a schwéieren Handbeweegunge geluecht gi sinn. Dat war eng Streck, a Verschiddener vun Iech wëssen ëm wat et do geet, wou de sougenannte Streckeblock nach manuell mat der Kierp huet misse gedréint ginn. Dat heescht also, et war eng Eisebunnslinn, déi eigentlech éischter an den Ufank vum Jorhonnert gepasst hätt, wat den technesche Stand ubelaangt, virun allem ugesiichts de Méiglechkeeten, déi deemools bestanen hunn.

Deemools ware scho vill Ëmweltschützer a virun allem natierlech och d'Eisebunner der Meenung, datt dës Streck eng Zukunft hätt, an datt et wichteg wär fir se ze retten, an dofir hu se sech och deemools scho fir hire Betrib engagéiert a si hu gekämpft, datt se sollt erhale bleiwen. Et ass hinnen, Gott sei dank muss een haut soen, och gegléckt. Ech hunn dat Beispill opgezielt fir nozeweisen, datt tëschent 1950 an 1990, dat heescht während véier Jorzéngten, d'Eisebunn als Mobilitéitsinfrastruktur um Ofstellgleis stong a kaum ee Frang an dat Instrument vun der Mobilitéit investéiert ginn ass.

Den Dram war dee vun der totaler individueller Mobilitéitsofsécherung duerch deen neie gesellschaftleche Kultobjet Auto, Dram dee mat sech bruecht huet, datt während Jorzéngte bis Mëtt den 80er Jore kaum an d'Eisebunn investéiert ginn ass, mä dofir awer iwwer Jorzéngte Milliarden öffentlech Gelder an de Stroossebau investéiert gi sinn. Tëschent 1950 an 2000 sinn hei zu Lëtzebuerg gigantesch Stroossebauninfrastrukture realiséiert ginn. Leider gëtt et keng seriö Statistik, déi emol eng Kéier géing géigeniwwer stelle wéi vill an deene leschte 50 Joer an d'Strooss par rapport zur Eisebunn investéiert ginn ass. Mä och ouni Statistik kann ech Iech soen, datt et a kengem Verhältnis steet, wat de part et d'autre investéiert ginn ass.

Och ass beim Bau vun de Strooss en oft iwwerhaapt keng Kostennutzenrechnung gemaach ginn, wéi se ëmmer erëm bei der Eisebunn a bei der Schinn verlaangt gëtt a verlaangt ginn ass. Et ass weder gekuckt gi wat déi volleks-wirtschaftlech Realkäschte si vum Stroossentransport, nach ass ni eeschthaft diskutéiert ginn iwwert d'Redevance, déi de Benotzer vun der Stroosseninfrastruktur, déi jo mat Steiergelder finanzéiert gëtt, misst bezuelen niewent der Taxe de circulation, déi e bezilt fir säi Camion a säin Auto, wéi dat am Verhältnis steet zu de reelle Käschte vun der Infrastruktur fir d'Allgemengheet.

A wann ech dat opzielen, da geet et mir hei net drëm fir den Auto géint d'Eisebunn auszespillen. Et geet mer iwwerhaapt net drëms fir ee Verkéiersmëttel géint dat anert auszespillen, mä et geet mer drëms fir den Hannergrond an den historesche Kontext erëm mol op déi richteg Féiss ze stellen, fir eben eraus ze fanne firwat et haut esou schwéier ass fir eng Eisebunnsgesellschaft wéi d'CFL, fir och nach grad an engem liberaliséierte Kontext - an ech kommen nach dorobber zréck - einfach esou vun haut op muer kënnen ze soen, mir funktionéieren elo esou, wéi wann déi lescht 50 Joer vun der Geschicht net existéiert hätten, a kucken eens ze ginn.

Et muss een och soen, dee Konflikt, dee sech op deem Hannergrond beweegt, dat ass keen typesch Lëtzebuerger Konflikt, deen huet eng europäesch Dimensioun, dee fënnt méi oder wéineger d'selwecht staark an allen europäesche Länner statt. Et ass wichteg deen historesch ekonomesche Kontext erëm hierzestellen, fir datt een och wierklech kann ofmoossen, wat d'Bunn eis haut kascht an ob de Käschtepunkt, dee se eis eventuell kascht, ze grouss oder ze kleng ass par rapport zu deem, wat se eis brénge kann, virun allem ugesiichts dem historesche Balast, dee se nach um Bockel huet.

Et ass wichteg festzestellen, datt gläichzäiteg milliardeschwéier jorzéngtelaang Investitiounen an all déi aner Verkéiersmëttel investéiert gi sinn, an dat net nëmmen an d'Strooss, mä och an de Fluchverkéier. Et bräicht ee sech nëmmen eng Kéier d'Méi ze maachen ze kucken a wéi engem Verhältnis de Fligerverkéier vun öffentleche Gelder profitéiert huet an deene leschte 50 Joer. Och dat ass sécherlech a kengem Verhältnis zu deem, wat an d'Eisebunn investéiert ginn ass.

D'Eisebunn ass bis Mëtt den 80er Joren, et kann een et roueg soen, verkomme gelooss ginn. Mëtt den 80er Joren hat d'Eisebunn ee jorzéngten alen Investitissementréckstand par rapport zu all hire Konkurrenten am Mobilitéitsberäich, an eréischt ufanks den 90er Joren, nodeem den Dram vum „tout-automobile" ausgedreemt war, an och op EU-Niveau lues awer sécher vun engem dramatesche „congestionnement des agglomérations, des autoroutes et des grands centres économiques" geschwat ginn ass, eréischt du krut d'Eisebunn erëm eng nei Chance.

Dramatesch ass et awer wéi dëse Renouveau vun der Bunn diskutéiert an ageleet ginn ass, iwwerall an allen europäesche Länner. Kaum ee Politiker huet sech d'Méi gemaach fir säin eegent Versoen oder dat vu senger politescher Famill fir deen desolaten Zoustand vum Eisebunnsnetz a vun den Eisebunnsbetriber ze justifiéieren. Déi jorzéngtelaang Vernoléissegung vun der Infrastruktur, déi jorzéngtelaang Ënnerkapitaliséierung vun den Eisebunnsgesellschaften, déi baséieren op klore politesche Choixë vu Chrëschtlech-Sozialen, vu Sozialisten oder vu Liberalen, déi an deene leschte 40 Joer an alle Länner an Europa de Pouvoir haten, an alleguerten, ee wéi deen aneren, méi oder wéineger a mat méi oder manner Akzenter déi dote Politik bedriwwen hunn.

Et gëtt awer haut gemaach, wéi wann ee bannent engem Jorzéngt kéint déi 50 Joer einfach vergiesse maachen. Virun allem gëtt natierlech versicht déi eege politesch Versäumnisser, déi do hannendru stiechen, an déi eege Feelaschätzungen an der Verkéierspolitik réckgängeg ze maachen, andeem een oflenke wëllt an elo aner Leit zum Bouc émissaire wëllt maache fir déi Situatioun, déi awer, menger Meenung no, am Endeffekt mat Sécherheet net dofir kënnen.

A wat läit do méi no, wann ee wëllt iwwert déi jorzéngtelaang eege politesch Feeler ewech täuschen, fir mam Fanger op déi ze weisen, déi natierlech elo an deene Betriber schaffen, an ze maache wéi wann eigentlech deenen hir Loun- an Aarbechtskonditiounen dee gesamte Misär verschëllt hätten, an eenzeg an eleng dat de Problem wär mat deem d'Eisebunnsgesellschaften an och d'Lëtzebuerger CFL ze kämpfen hätten. Dës simplistesch Scholdzouweisung erspuert engem natierlech déi méi komplizéiert an éierlech Analys iwwert d'Hannergrënn an d'Realitéite vun de Schwieregkeete bei der Renaissance vun der Bunn als modern Mobilitéitsinfrastruktur.

Och bei dëser wichteger Feststellung geet et mir awer net drëms fir eesäiteg mam Fanger op d'Politik ze weisen. Natierlech sinn och mir als Gréng der Meenung, datt bei der Eisebunn oder bei allen Eisebunnsgesellschaften ee Mentalitéitswiessel muss komme par rapport zum Fonctionnement vun den Eisebunnen an den 80er, 70er oder 60er Joren. Ech wäert nach drop ze schwätze komme firwat dat wichteg ass. Mä d'Zukunft ass awer, an zemools wa se an deem liberaliséierte wirtschaftlechen Ëmfeld stattfënnt, deen am Moment gewënscht ass vun der Majoritéit vun de Politiker an Europa, net esou einfach an d'Wee ze leede wéi dat oft sech gewënscht gëtt, oder gemengt gëtt et missen nobaussen duerzestellen.

Déi enorm nei an interessant Erausfuerderunge fir d'Eisebunn am Kader vun enger neier moderner Mobilitéitsstrategie vun eiser Gesellschaft verlaangen natierlech eng aner Dynamik vun engem Betrib wéi an Zäite wou dës Transportmëttel esou gutt wéi ofgeschriwwe waren a wou an eiser Gesellschaft, ausser deenen déi do hiert Brout verdéngen a just nach eng Rei Eisebunnsfrënn a Modelleisebunner, kee Mënsch un déi Mobilitéitsinfrastruktur do méi gegleeft huet an och kee sech méi fir se interesséiert huet.

Et muss een dofir einfach unerkennen, datt d'Betribskultur vum Betrib CFL bis an d'90er Jore gepräegt ginn ass vun enger defensiver Mentalitéit vum Versichen net ze vill opzefalen, vu Mësstraue bei der Belegschaft duerch dee jorzéngtelaangen Ofbau, deen ëmmer erëm virgeholl ginn ass, deen awer näischt domat ze dinn huet mat schlechtem Wëllen, weder vun der Entreprise a scho guer net vun deene Leit, déi do schaffen, mä deen eigentlech nëmmen an deem Ausmooss ze erklären ass duerch de Fait, datt natierlech all déi Belegschafen an all déi Betriber e Volte-face hu missen erliewe vun der Politik par rapport zur Eisebunn, deen eigentlech sengesgläiche sicht an der Geschicht vun der Verkéierspolitik an deene leschte Joren a Jorzéngten, a virun allem natierlech och nach wa versicht ginn ass dëse Volte-face duerchzesetze mat enger Zauberformel, déi Liberaliséierung heescht, wou entretemps jo gemengt gëtt se géif iwwerall Wonner bewierken. Ech wäert ee Verglach nach herno zéien, wou gemengt gëtt se géif Wonner bewierken.

Déi noutwenneg Reforme vun der Eisebunnsgesellschaft, déi mécht een net einfach bannent e puer Joer mam Briecheisen. Et kann een net mat 60 Joer Geschicht, déi esou gelaf ass, wéi ech se virdrun opgezielt hunn, einfach maache wéi wann déi net gewiescht wär, a wann d'Stunde Null ass, déi dann elo soll stattfanne fir d'Renaissance vun den Eisebunnen, déi dat da kéinten aus eegener Kraaft einfach esou maachen, wann den Haaptaktionär, de Stat, se géif an d'Fräiheet quasi entloossen a si da misste frou si fir vun där neier Fräiheet ze profitéieren a kucke selwer eens ze ginn, nodeem de Stat sech 60 Joer senger Responsabilitéit entzunn huet.

A scho guer net kann eng Reform vun der Eisebunn mat enger Verschlechterung vun de Loun- an Aarbechtskonditioune vun de Beschäftegten einfach esou gläichgestallt ginn. Dat ass dach nu wierklech awer net den Haaptproblem, dee mer hunn, wann et drëms geet d'Eisebunnsgesellschaften an deenen nächste Jore méi performant ze maachen. D'Aarbechtskonditiounen an deem Secteur muss een eleng schonn als Bestanddeel vun der Sécherheetsgarantie vum Eisebunnsnetz gesinn, well et ass jo och net esou, datt mer muer ufänken ze diskutéieren zum Beispill am Fluchverkéier iwwer eng Liberaliséierung vun de Fluglotsensystemer, a fannen datt d'Fluglotsen elo missten nawell zolidd méi schlecht Aarbechtskonditioune kréien a manner verdéngen, an dat dann iergendeen Impakt hätt herno op d'Qualitéit am positive Sënn an op d'Sécherheet vum Fluchverkéier. Et ass dach just de Contraire de Fall.

D'Eisebunn, et deet mer Leed, dat ass net einfach iergendee Verkéiersmëttel, dat ass eent wat eng gewësse Komplexitéit am Beräich vun der Sécherheet huet, an uerdentlech Aarbechtsbedingunge fir déi Leit, déi do um Dräi-Schichte-System schaffen, respektiv souguer um Véier-Schichte-System, gehéieren zum Aspekt vun der Sécherheet.

Do steet et schlecht fir d'Eisebunn a fir d'Zukunft vun der Eisebunn, wann een ufänkt dorunner ze bastelen. Et gëtt entre-temps esouguer Beispiller, wou dat versicht ginn ass. Et gëtt d'Beispill vun England, déi bis zur leschter Konsequenz a mat aller Brutalitéit scho relativ laang esou eng Liberaliséierung duerchgezunn hunn. Wat ass dann d'Resultat haut vun der englescher Eisebunn? Gëtt et an England insgesamt méi e performant Eisebunnsnetz wéi an aneren europäesche Länner? Mat Sécherheet kann een do nee soen. A wat d'Sécherheet ubelaangt, dat hu mer an deene leschte Jore bewise kritt, ass just de Contraire geschitt, déi schlëmmsten Accidenter op den Eisebunnsréseaue si grad an England geschitt an hu genau mat deem dote Volet ze dinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Enn den 90er Joren ass déi éischte Phas vun enger wichteger, muss ee soen, Reform fir d'Eisebunn agelaut ginn. Mir hunn hei an der Chamber, wann ech mech gutt erënneren, unanime de Projet de loi vun der éischter Phas gestëmmt, Phas déi déi kontabelméisseg Trennung vun Infrastruktur an Exploitatioun virgeholl huet. Et ass och esou, datt natierlech doduerch säit Enn den 90er Joren een eigentlech d'Schinnennetz ka betruechte wéi d'Stroossennetz, an zwar als eng Infrastruktur déi dem Stat gehéiert a wou no an no ënner verschiddene Konditiounen, ënner verschiddene Viraussetzungen, d'Monopolstellunge vun deenen haut staatlechen an eleng operéiernde staatlechen Eisebunnsgesellschafte gebrach ginn.

Eng zweet Phas ass schonn agelaut ginn, an zwar andeem d'Liberaliséierung am Gidderverkéier bis 2008 definitiv ass, dat heescht bis 2008 ass dee ganze Schinneverkéier fir de Gidderverkéier liberaliséiert. Et kann egal wat fir ee Privaten ënner verschidde Bedingungen, op déi ech nach ze schwätze kommen, Gidder iwwert d'Schinnen transportéieren. Säit dem 15. Mäerz vun dësem Joer si scho 50.000 Kilometer transeuropäesch Netzer an deem Beräich liberaliséiert, dat heescht ongefeier 80% vun der Infrastruktur.

An da kënnt eng Madame wéi d'Madame De Palacio, déi der Meenung ass, op europäeschem Niveau géing déi Liberaliséierung hir net schnell genuch goen. Si

schwätzt vu Bremser an de Gesellschaften. Si schwätz vu Bremser an den eenzelnen Nationalstaten, mengt awer dobäi wahrscheinlech just nach, wann ech et gutt an Erënnerung hunn, dräi oder véier Länner, dorënner Lëtzebuerg, déi zu deene Bremser solle gehéieren.

An et muss een natierlech do feststellen, datt genau déi Geeschter, déi jorzéngtelaang d'Schinnennetz an d'Eisebunnsgesellschafte verrotte gelooss hunn, elo menge si kéinte mat Schocktherapien d'Eisebunnswelt vum Kapp erëm op d'Féiss stellen. Et muss een och do soen, datt mir als Gréng begréissen, datt de Lëtzebuerger Transportminister deem Assainissement par thérapie de choc net zougestëmmt huet. Mir sinn och net der Meenung, datt dat eppes mat Bremsen ze dinn huet, mä éischter mat gesondem Mënscheverstand ugesiichts der Situatioun an der Realitéit um Terrain.

An et muss een emol eng Kéier sech virstellen, wat do verschidde Leit op europäeschem Niveau de Moment sech wëllen afale loossen. Dat wär eigentlech vergläichbar wéi wann een higaange wär bei der Stroumliberaliséierung an et hätt ee vun haut op muer einfach alles liberaliséiert, an déi eenzel Entreprisen op europäeschem Niveau wären awer an engem Zoustand gewiescht, datt se 50 Joer an Investissementer no hanne gewiescht wären, datt d'Cegedel, ech weess net, loosse mer emol soe mat holze Peiler nach geschafft hätt, dat heescht datt se an enger Situatioun gewiescht wär, wou se wierklech kaum hätt kéinten iwwerliewen als öffentlechrechtlech Gesellschaft géint iergendee privaten Ubidder ënner esou Konditioune mat esou enger Ënnerkapitaliséierung. Dat ass einfach net méiglech, et gëtt nach ëmmer genuch Politiker an Europa deenen dat net wëllt an d'Käpp eragoen, mä dat funktionéiert mat Sécherheet net esou. Eng Liberaliséierung huet hir Chancen, mä si huet keng Chance wann et esou weider geet wéi d'Majoritéit am Moment an der Europäescher Unioun et gären hätt.

Här President, ech wëll am Kader vu menger Interpellatioun op véier Themeberäicher méi prezis agoen, déi de Lëtzebuerger Kontext méi spezifesch betreffen.

Dat éischt ass den Themeberäich vum Streckenausbau als solch. Dat ass jo en Domän deen, nodeem wat mir an den 90er Joren décidéiert hunn, wierklech ausschliesslech ënnert der Kompetenz läit vum Stat. Et ass esou, datt mer jo wëssen, datt et e grousse Problem de Moment am Lëtzebuerger Eisebunnsnetz gëtt, datt mer op verschiddene Strecken net nëmmen eng Capacitéitsauslaaschtung hunn, mä datt mer schonn iwwert der Capacitéit sinn op verschiddene Strecken. Och wann ee muss begréissen, datt elo endlech konkret Entscheedunge getraff sinn, datt mer, esou wéi ech hoffen, nach an deenen nächste Méint wäerten déi Projets de loi hei stëmmen, déi déposéiert gi sinn, wou et drëms geet ënner anerem déi éischt Phas ze kréie vum BTB, d'Ubannung vum Plateau Kierchbierg, déi nei Streck Dummeldeng-Kierchbierg, mä awer och dat zweet Gleis wat soll gebaut gi vu Lëtzebuerg op Péiteng, esou wéi mir dat och begréissen, esou menge mer datt dat net duergeet. Ech sinn esouguer der Iwwerzeegung, datt dat net wäert duergoe fir dat Zil ze erreeche wat dës Regierung sech gesat huet, nämlech e Modal split ze erreeche vu 75/25.

Da kënnt nach dobäi, an dat huet den Transportminister eis an der Kommissioun bei der Virstellung vu Mobilitéit.lu selwer gesot, datt esouguer wann an deenen nächsten zéng Joer mir e Modal split erreeche vu 75/25, den Autosverkéier bei der wirtschaftlecher Dynamik, déi mer zu Lëtzebuerg kennen, par rapport zu haut nach ëm 30% wäert zouhuelen. An ech wëll an deem Kontext drop hiweisen, datt mer eng Verpflichtung agaange sinn am Kader vum Kyoto-Protokol, déi an d'Richtung soll goen, datt mer tëschent 2008 an 2012 eng $CO_2$-Reduktioun vun 28% hunn. Wa mer awer am Verkéiersberäich net gréisser Efforte maachen, da wäert all dat, wat am Industrieberäich gemaach gëtt fir d'$CO_2$-Emissiounen ze reduzéieren, da wäertem all déi wäertvoll Efforten, déi do gemaach ginn, esou séier wéi se gemaach ginn op där anerer Säit vum Verkéier zu Lëtzebuerg, an eiser Bilanz erëm opgefriess ginn. Dat heescht, datt wa mer am Verkéiersberäich net iwwert déi 75/25 wäerten erauskommen, wäert dat dozou féieren, datt an Zukunft zu Lëtzebuerg d'Gesamtekonomie zolidd wäert sanctionnéiert ginn, duerch de Fait datt mer eis Engagementer am Kader vum Kyoto-Protokoll net anhalen.

Dir wäert Iech nach wuel wonneren, wat fir eng Diskussioune mer an deem Kontext an deenen nächste Jore kréien, a wat fir eng Répercussiounen dat kann hu fir d'Lëtzebuerger Ekonomie. Menger Meenung no ass dat och d'Erklärung, firwat datt entre-temps d'Chambre de Commerce, oder souguer d'FEDIL, an ech weess net wat nach fir eng Instanzen aus der Privatindustrie sech ëmmer méi haart an ëmmer méi staark ausschwätzen derfir, fir datt den öffentlechen Transport nach weider soll massiv ausgebaut ginn, iwwert dat eraus wat elo décidéiert ginn ass. An ech kommen herno drop ze zitéieren, och op dat wat am neien Avis vum Conseil économique et social steet, wou och interessant Aussoen an där Hisiicht dran enthale sinn.

Et ass zimlech kloer, mir mussen, wa mer de Verkéier zu Lëtzebuerg wëllen an de Gréff kréien, vill méi grouss Ustrengunge maachen, wa mer net wëllen eis Efforten, déi mer am industrielle Beräich maache fir d'$CO_2$-Emissiounswäerter am Kader vum Kyoto-Protokoll anzespueren, zunichte maachen, da musse mer grad am Verkéiersberäich usetzen.

An ech mengen dofir, datt d'Regierung haut scho misst vill méi konkret Pläng a konkret Timinge virleeën iwwert déi Investitiounen eraus, déi mer elo scho kennen an déi mir als Projet de loi déposéiert hunn. Et gëtt zwar am Kader vu Mobilitéit.lu eng ganz Rei Scénarien a Pisten, déi do beschriwwe ginn, mä ech mengen, et geet net duer datt dës Regierung sech begnügt fir ze soen, mir hunn elo e Start gemaach an de Rescht ass iergendwann an der nächster Regierung. Neen, d'Planung fir déi nächst Etappen, an dat sinn all déi Saache vun deenen ech virdru geschwat hunn, déi verlaangen eis of, datt och dës Regierung muss esou séier wéi méiglech genau Timingen a genau Pläng virleeën, wéi se wëllt déi nächst 15, 20 Joer an der Transportpolitik virgoen.

Dat ass och wichteg wéinst eisem Statsbudget. Mir wësse jo, datt mir entre-temps an enger Situatioun sinn, déi net méi esou glorräich ass wéi nach am Joer 2000, wou mer 40 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang Budgetsiwwerschoss haten. Mir musse mat deene méi knappe finanzielle Mëttele vun haut schaffen, an dat verlaangt nach méi e planifizéiert Asetzen. Dat bedéngt, datt mer musse wäit iwwert de Plan pluriannuel d'investissements eraus denken, deen all Joers am Kader vun de Budgetsdebatte vun der Regierung opgestallt gëtt.

Zu deene wichtegen anere Projeten, déi een elo scho misst méi konkret plangen an och en Timing vun der Realisatioun festleeën, gehéiert natierlech un éischter Stell d'Verdouebelung vun der Streck Lëtzebuerg-Betebuerg. Ech weess zwar, datt eng Rei Investissementer elo geplangt si fir d'Streck Lëtzebuerg-Betebuerg méi effikass ze maachen. Et ass jo esou, datt duerch nei Techniken, déi elo agesat ginn, d'Blockofstänn op där Streck méi kuerz solle gemaach ginn, fir datt méi héich Capacitéite kënnen driwwer fueren, mä mir mussen eis awer bewosst sinn, wa mer wëlle weider an engem staarke Mooss iwwert dat eraus, wat konkret bis elo décidéiert ginn ass vun der Regierung, nach méi Capacitéiten am Persouneverkéier bidden, da geet et domadder och net duer, da brauche mer eng Verdueblung vun där Streck.

An da muss ee sech och bewosst sinn, wann een dem Gidderverkéier wierklech eng Chance wëllt ginn, a wëssend datt vill Gidderverkéier entre-temps laanscht Lëtzebuerg leeft duerch déi nei Streck Athus-Meuse, déi gebaut ginn ass, mengen ech awer, datt och an Zukunft, wann de Gidderverkéier an Europa insgesamt eng Chance muss hunn, da wäerten d'Capacitéiten, déi mer am Moment hunn, souwisou net duergoen, an d'Betebuerger Streck wäert ganz sécherlech eng gréisser Roll ze spille kréien. An da wäert et och esou sinn, datt wann de Gidderverkéier op der Schinn richteg urappt, an engem Sënn wéi mir eis et virstellen datt e misst urappen, da geet déi Streck Lëtzebuerg-Betebuerg mat 100%eger Sécherheet net méi duer.

En zweete Beräich ass, datt natierlech déi nei Streck Esch-Lëtzebuerg eng grouss Bedeitung kritt. Si ass ugeschnidden an de Pläng vum Transportministère, mä ech mengen awer och, dass een do schonn haut vill méi an den Detail un d'Planung erugoe misst.

Mir wëssen alleguerten, wa mer, an dat ass jo awer de Wonsch vun dëser Regierung a vun alle Parteien heibannen, eist Land wëlle weider ekonomesch diversifiéieren, da musse mer jo wësse wou mer dat maache wäerten, an da gëtt et do keng 100.000 Plaze wou dat geschéie kann, mä da wäert et op deene Plaze geschéien an deene groussen Zonen, déi mer haut schonn ausgewisen hunn, wou nach Capacitéite sinn. Do gëtt et der zum Beispill eng Rei am Südweste vun der Stad, mä och zum Beispill zu Féiz an op där Streck Lëtzebuerg-Esch, déi effektiv och, loosse mer emol soen, schematesch eng Kéier virgesi war, jiddefalls vum Minister, an deene Pläng do. Do leien eng Rei där Aktivitéitszonen drun.

Da musse mer natierlech higoen a versichen déi Feeler, déi déi heiteg Escher Streck huet, nämlech dass se ganz genau laanscht an net duerch déi Gebitter fiert, ze beseitegen a mer déi Gebitter ubannen andeems mer déi nei Streck op Esch bauen. Dorunner hänkt, menger Meenung no, och den Aspekt vun enger uerdentlecher Ubannung vun den Industriebrooche vun Esch un den ekonomeschen Aktivitéitsberäich am Zentrum. Och dowéinst ass déi Streck wichteg an och dowéinst menge mer, datt se misst esou séier wéi méiglech geplangt an och mat an de Bau iwwerholl ginn.

En drëtte Punkt ass d'Entwécklung vum Train-Tram-System an den Industriebrooche selwer. Elo hu mir an deene leschte Wochen déi ënnerschiddlechst Appréciatiounen héieren. Mir hunn och deelweis widderspréchlech Saachen héieren oder zumindest ware se fir mech net esou kloer. De Minister huet hei an der Chamber eng Kéier Aussoe gemaach, déi ech zumindest herno an aneren Zeitungen am Widdersproch dozou gelies hunn, zu Aussoen, déi hien do gemaach huet. Duerfir wär ech frou, wa mer haut emol kloer Opschloss krite wat d'Intentioune si vun dëser Regierung fir d'Industriebrooche selwer.

Op alle Fall si mir als Gréng der Iwwerzeegung, datt een an den Industriebroochen am Süden net déi nämlecht Feeler maache soll wéi déi déi gemaach gi si bei der Erschléissung vum Plateau Kierchbierg, nämlech fir d'éischt d'Infrastrukturen einfach emol ze plangen, do flott Infrastrukturen opzerichten, an dann eréischt, wann d'Kand schonn, wéi een esou schéi seet, mat engem Been am Pëtz läit, ufänkt sech Froen ze stellen, wéi een de Verkéier an de Gréff kritt an där Regioun an ob een net awer och misst e Stadbunn-System zum Beispill bauen.

Ech kann eigentlech éierlech gesot och net richteg novollzéien, firwat net d'office versicht gëtt an den Industriebrooche selwer de Stadbunn-System, den Train-Tram-System, mat anzebezéien. Mir mengen, datt dat noutwendeg ass.

E véierte Punkt ass - op dee brauch ech net vill anzegoen, well e fir mech evident schéngt a wou ech einfach bedaueren, datt et de Moment keng Léisung gëtt - d'Uschléissung vum Campus Geesseknäppchen hei an der Stad, déi gréisste Schülerkonzentratioun am Land. Do gëtt et de Moment keng Léisung fir de schinnenugebonnene Verkéier. Et gëtt do Usätz vu Gedanken, déi enthale sinn am Konzept Mobilitéit.lu, mä ech fannen do dierft een net waarde bis déi éischt Phasen emol realiséiert sinn. Och dat misst scho vill méi konkret an d'Planung eragoen. Mir hu genuch Zäit verluer fir de Campus Geesseknäppchen un d'Eisebunnsnetz unzeschléissen.

E fënnefte Punkt betrëfft de Stadzentrum vun der Stad Lëtzebuerg an d'Ubannung vum Stadzentrum un dat ganzt schinnegebonnent Netz. Ech muss soen, esou frou wéi ech och wäert sinn, wann deen éischten Tram endlech emol géing fueren, an esou iwwerzeegt wéi ech och sinn, datt wann déi éischt nei Automotrice vun Dummeldeng op de Kierchbierg fiert, alleguerten déi ganz séier jalous wäerte ginn, déi sech géint dee System gewiert hunn, well se falsch informéiert gi sinn an den 90er Jore vu verschiddene politesche Parteien, an da selwer séier alleguer wäerten de Fanger ausstrecken a jäizen, datt se iergendwéi an enger Form un dee System ugebonne ginn, esou mengen ech awer, datt mer sollen ewechkomme vun där, fir meng Begréffer, lächerlecher Diskussioun, déi gefouert ginn ass Enn der 90er Joren, wou et jo evident war, datt aus reng kuerzsiichteg elektoralen Ursaachen eraus de Projet duerch d'Stad mat alle Mëttelen einfach verhënnert ginn ass.

Et geet eis och net dorëm fir un enger Trace festzehalen. Dat war och souwisou ni eis Meenung. Mir ware just ëmmer der Meenung, dass de Stadkär ugebonne sollt ginn. Et geet hei net drëm eng dogmatesch Diskussioun ze féieren iwwert d'Tracéféierung. Mir mengen awer, datt et wichteg ass éischtens emol fir de Stadkär wëllen attraktiv ze halen, awer doriwwer eraus et och wichteg ass fir d'Communautéit am Land, datt de Stadkär un dee System do ugebonne gëtt.

Mir géingen hoffen, datt d'Regierung sech kéint iwwerwannen um Enn vun der Legislaturperiod, elo awer nach eng Kéier mat der Stad Lëtzebuerg an d'Gespréich ze kommen an elo schonn ze versichen erëm d'Diskussiounen opzehuelen, wéi ee kéint en Auswee aus där Sakgaass fannen, an déi se sech natierlech selwer eramanövréiert hunn - Dat wëll ech ganz däitlech soen! -, mä an där se awer de Moment dran ass. Wa se éierlech wären, da géinge se et och am léifsten, géing ech souguer mengen, op där Tribün hei zouginn.

An deem doten Domän geet et eis net drëm fir nach laang mam Fanger drop ze weise wat 1999 geschitt ass. D'Situatioun ass esou an enger Sakgaass an deem do Beräich, datt mer mengen datt et eis drop ukënnt, datt elo konstruktiv eng Hand ugepaakt gëtt, datt mer einfach déi Feeler réckgängeg maachen an et zum Handele kënnt.

Ech muss och do soen: Wann ech d'Avisë liesen, déi vun eenzelnen Organismen an deene leschte Woche gemaach gi sinn, da konnt ee jo wierklech nëmmen doriwwer staunen. Et hätt ee jo gehofft, datt 1999, wéi d'Diskussioun op engem Héichpunkt verfuer war, esou gutt d'Chambre de Commerce wéi de Conseil économique et social sech deemools hätte kënne méi courageiert positionnéieren an zum Beispill dat gesot hätten, wat se haut soen, nämlech datt dat Ganzt nëmmen e Sënn mécht, wann een de Stadkär iergendwann eng Kéier mat ubënnt. Déi Meenung fënnt ee glécklecherweis awer haut mat aller Däitlechkeet an allen Avisë vun esou Organismen, déi een ze liese kritt.

Duerfir, wann ech glift, huelt Äre Courage nach eng Kéier zesummen, Här Transportminister, a gitt an Är Regierung zréck. Gitt bei Är Kolleegen an d'Stad Lëtzebuerg a schwätzt nach eng Kéier mat hinnen doriwwer. Da si mir gär bereet matzehëllefen eng Léisung ze sichen, ouni souguer dauernd mam Fanger op lech ze weisen, datt Der 1999, eiser Meenung no, zu Onrecht dëse Projet zu Fall bruecht hutt.

Deen zweeten Themeblock, deen ech wëll uschwätzen, ass d'Material vun der Eisebunnsgesellschaft. Am Fuhrpark vun der Eisebunnsgesellschaft hu mer natierlech deen nämlechten Investitiounsréckstand, deen duerch historesch Ursaache kënnt, déi ech virdrun opgezielt hunn.

Mir hunn haut nach gréisstendeels där berühmter Wegmanns-Voituren op der Eisebunn fueren, déi 1965 an de Betrib geholl gi sinn. Mir hunn elektresch Automotricen, déi berühmte Moulinexen, déi nach ëmmer doruechter fueren, déi 1974/75 an den Asaz komm sinn. Mir hunn Dieselmaschinnen déi vun 1963/64 un am Asaz waren. Mir hunn ëmmer nach 25% vun den elektresche Maschinne vun 1958 am Asaz a mir hunn nach Rangéiermaschinne vu Mëtt der 50er Joren.

Ech weess net, wann ee géing an de Fluchverkéier kucke goen, wat een heibanne géing soen, wa mer nach géingen duerch d'Landschaft fuere mat Fligeren aus de 60er Joren, an ob een der Meenung wier, datt dat normal wär, an datt dat an iergendengem Sënn eppes mat de Leit ze dinn hätt, déi an deem Betrib schaffen. Ech menge mir géinge wahrscheinlech alleguer hei soen, datt dat d'Schold wär vun deenen, déi an deenen Entreprisen d'Soen haten an déi eigentlech iwwer 40 Joer hätten duerfir suerge missen, datt relativ fréizäiteg versicht gi wär esou Schrottmaschinne wéi déi doten ze ersetzen an esou eng Gesellschaft à même ze setzen hire Verpflichtungen nozekommen.

***(Interruption)***

Et ass zum Deel e liewege Musée. Et ass vill besser ginn an deene leschte Joren dank villen Efforten, déi gemaach gi sinn. Dat muss een unerkennen. An den 90er Jore si vu staatlecher Säit an och elo vun dëser Regierung si sécherlech Efforte gemaach ginn, mä déi Efforten, déi gemaach gi sinn, sinn eigentlech, et kann ee bal soen, just duergaange fir en Deel vun de Retarden aus de 60er, 70er an 80er Jore réckgängeg ze maachen, mä dat huet iwwerhaapt näischt ze di mat Investissementer an d'Zukunft, mam Qualitéitssprong wéi mir eis en op alle Fall virstellen.

Dee Schlamassel och am Fuhrpark ass eigentlech d'Resultat vun engem Versoen, kann ee mat aller Däitlechkeet soen, vun der Politik an deene leschte 40 Joer. Et kann een och dobäi soen, datt déi grouss Ustrengungen, déi op CFL-Säit gemaach gi si fir d'Angebotssäit an deene leschten zéng Joer ze verbesseren, zum Deel duerch onzouräichende Confort bei de Clienten erëm zunichte gemaach gi sinn.

Wann een déi ILReS-Ëmfro liest, déi elo kierzlech publizéiert ginn ass, da gesäit een dat mat aller Däitlechkeet. Iwwer wat bekloen d'Leit sech? Si bekloe sech driwwer, datt net genuch Sëtzplazen an den Zich sinn. Entre-temps ass et a Spëtzestonnen esou, fir déi, déi heibannen heiansdo mam Zuch fueren, datt op verschiddene Strecken am Süden, wann een zu Spëtzestonne mam Zuch fiert, ee sech virkënnt wéi an enger Sardinebéchs, mä net wéi an engem confortablen Zuch. Et ass entretemps esou, datt souguer Leit, déi méi wëlle bezuelen, dat heescht den Éischt-Klass-Billjee kafen, souguer an der éischter Klass stoe musse fir dat deiert Geld wat se méi bezuele par rapport zu aneren.

Dat si jo awer Zoustänn, do kann ee beim beschte Wëllen net verlaangen, datt d'Attraktivitéit vun deem Verkéiersmëttel méi grouss gëtt, an dat sinn op alle Fall Zoustänn, fir déi net déi Leit kënnen, déi do schaffen.

En zweete Beräich, deen an der ILReS-Ëmfrou staark kritiséiert gëtt, ass, datt d'Climatisatioun schlecht oder onzoureechent ass. Et ass ze kal am Wanter, ze waarm am Summer, an dat an engem 21. Jorhonnert, wou mer alleguer entre-temps an eisem eegenen Auto héich klimatiséiert mat enger automatescher Klimaanlag duerch d'Landschaft fueren. Dat heescht mir fuere mat Material, wat eigentlech dat Wuert modern Eisebunn iwwerhaapt net verdéngt an, wéi gesot, dat huet seng Grënn firwat dat esou ass.

Elo ass et natierlech esou, datt an deene vergaangene Méint eng Rei Entscheedunge getraff gi sinn, och mat Ënnerstëtzung vun der Regierung, fir ze versiche Remedur ze schafen. Dat huet natierlech awer och domat ze dinn, datt d'Situatioun ëmmer méi alarmant gëtt an datt natierlech déi iwwerquellend Zich an déi gréisser Verkéiersproblemer, déi mer am Alldag hunn, d'Regierung zum Handele quasi zwéngen.

Et muss een awer egal wéi unerkennen, dass eng Rei Saache geschitt sinn. Et si 85 Duebelgefierer bestallt ginn. Et sinn 12 Duebelstäcktriebween bestallt ginn. Et sollen och elo 15 där sougenannter Zweesystemautomotricen ugeschaaft ginn, woubäi ech awer emol gär Opschloss vum Minister driwwer hätt - well déi Zweesystemautomotricen, dat ass jo en vue vum BTB -, ob scho kloer ass wat dann do kaaft gëtt an a wat fir eng Richtung et do geet. Ech weess et op alle Fall net. Ech sinn zwar frou, datt och do gedréckt gëtt, datt déi solle kaaft ginn, mä ech wéisst awer emol gär a wat fir eng Richtung et do goe soll. Et ass awer esou, datt dat do elo Plooschtere sinn op en hëlzent Been, wéi een esou schéin op lëtzebuergesch seet, an datt dat sécherlech net wäert dozou bäidroe fir dee Qualitéitssprong ze maachen, dee mer brauchen.

Wat awer nach vill méi wichteg ass an deem Zesummenhang vum Uschafe vum Material, dat ass natierlech d'Äntwert ze ginn op d'Fro wien dat do alles, wat elo ugeschaaft gi soll, finanzéiere soll. An esou interessant wéi ech verschidden Aussoen, zum Beispill och beim Conseil économique et social, fannen, wat d'Gesamtentwécklung op der Schinn ubelaangt, esou einfach hu se sech et awer bei der Äntwert op déi dote Fro gemaach, wou gesot gëtt dass d'Eisebunn kucke muss, datt se eens gëtt, dass se kucke muss de Gros selwer finanzéiert ze kréien. Ech mengen, déi historesch Gegebenheeten, déi ech virdru beschriwwen hunn, beleeë genuch, datt dat einfach net seriö ass wann een esou diskutéiert an datt et sécherlech net esou goe kann.

Eleng de Verweis dorobber, datt d'Eisebunn haut nach mat Material fiert aus de 50er, 60er a 70er Joren, dat heescht aus enger Zäit wou d'CFL-Gesellschaft och schonn e staatleche Betrib war, wou de Stat vu vir bis hannen décidéiert huet wat op der Eisebunn geschitt ass, dat heescht d'Eisebunn komplett dem Stat och ënnergeuerdnet war, datt während där Zäit dee Betrib am Stach gelooss ginn ass an datt eigentlech de Retard do an deen immensen Effort vun Investissementer, deen och beim Fuhrpark muss gemaach ginn, och d'Resultat ass vun enger feelender Investitiounspolitik iwwer méi wéi 30 Joer vum Stat, an datt et duerfir kaum drobar ass, datt een haut einfach seet d'CFL misst selwer fir déi enorm Feelleeschtungen do elo opkommen a si misst versichen egal wéi dat dote selwer ze iwwerhuelen.

Den accumuléierten Investitiounsréckstand vun iwwer 30 Joer muss eiser Meenung no den Haaptaktionär Stat droen. D'Politik muss hei hir Verantwortung fir déi vergaange Feeler iwwerhuelen, well et ass de Feeler vun der Politik, datt de Betrib an esou engem Zoustand ass wéi en haut ass.

Mir sinn duerfir der Meenung, datt de Stat eng Kapitalopstockung bei der CFL virhuele muss. Ech hunn duerfir d'Fro haut un den Transportminister wat déi definitiv Haltung vun der Regierung an deem dote Beräich ass. Ech wéisst haut gär ganz prezis, ob d'Regierung gewëllt ass deen Effort ze maachen an déi Kapitalopstockung do virzehuelen, déi dee Betrib do onbedéngt braucht.

Dobäi kënnt nach - an dat wëll ech just nëmmen um Rand erwähnen -, datt mer natierlech och nach Ateliere hu bei der CFL, déi an engem grad esou lächerlechen an desolaten Zoustand sinn, an déi och éischter un en Industriedenkmal aus dem Ufank vum leschte Jorhonnert erënnere wéi un e modernen Atelier wéi een haut ee brauch an esou engem Betrib wéi der Eisebunn.

Et ass och esou, datt déi Diskussioun ronderëm d'Kreatioun vun neien Ateliere schonn e Baart huet, deen esou laang ass wéi vun hei bis an de Keller. Ech hu selwer eng Motioun hei an der Chamber erabruecht 1990! Ech hunn et haut de Moien extra nogekuckt. 1990, du war ech ee Joer an der Chamber.

***(Interruption)***

Jo, du war ech och schonn hei. Ech fänken och schonn un al ze ginn.

***(Interruptions)***

1990 hunn ech eng Motioun erabruecht, déi deemools en plus och nach eestëmmeg hei ugeholl ginn ass, datt en neien Atelier sollt gebaut ginn. Et ass nach keen ee Steen openee geluecht ginn entretemps vun deem neien Atelier an et weess een och haut nach net esou richteg wéini dann elo endlech dee Projet do ugoe soll.

Et ass natierlech esou, datt déi Ateliere do selbstverständlech a kengem Sënn méi gëeegent si fir dat neit modernt Material vun haut, dat mer elo uschafe sollen, ze warten. Et ass souguer esou, datt déi Ateliere do emol net méi am Stand si fir déi Schrottmaschinnen, déi nach deelweis am Asaz sinn, nach uerdentlech an der Rei ze halen. Dat ass einfach eng völleg veraalten Installatioun. Et muss een och soen, dass wann ech et elo emol aus ëmweltschützeresche Grënn kucken, wann een et vergläicht mat deene Virschréften an Oplagen, déi haut e moderne Garage huet, dann ass et zum Beispill iwwerhaapt net méi tragbar, datt e Betrib nach ënnert esou Konditioune wéi deenen dote fonctionnéiere kann.

En drëtten Themeberäich, dat sinn d'Infrastrukturen international. Et ass esou, datt mer gréisser Schwieregkeeten domat hunn, dat wësse mer, fir eis Nopeschlänner iwwerzeegt ze kréien, datt dat klengt Lëtzebuerg am Kontext vum schinnegebonnene Verkéier nach existéiert, an datt mer souguer oft déi aner Säit vun der Grenz selwer musse bezuele wa mer gär hätten, datt Lëtzebuerg nach iergendwéi den Uschloss behält un eis Nopeschlänner, wat d'Eisebunnsnetzer ubelaangt.

Mä wann een awer dem Land eng Zukunft gi wëllt, och ekonomesch, dat soll een net ënnerschätzen, wa mer wëllen hunn datt Lëtzebuerg nach un déi grouss transeuropäesch Netzer ugeschloss gëtt an Zukunft, dann dierfe mer net midd gi fir an déi do Richtung weiderzeschaffen. Ech muss och soen, do kann ee weder der vergaangener Regierung nach dëser e Virworf maachen. Do gëtt relativ versicht, esougutt vun der fréierer Transportministesch wéi och vun deem heitegen Transportminister, all Méigleches ze maache fir mat den Nopeschlänner a Gespréicher ze kommen an Drock ze maachen, fir datt mer Verbesserunge kréien.

Trotzdeem, mengen ech, datt nach e bësse méi dra wier. Emol ofgesi vun deem leidege Problem vun der Bréisseler Streck, Här Minister, hu mir op jidde Fall Informatioune kritt, an ech wéisst gäre vun lech, ob Dir déi och kritt hutt, ob dat confirméiert ginn ass, datt zum Beispill an Däitschland am Bund décidéiert ginn ass d'Streck Tréier-Koblenz endlech ze moderniséieren a se esou auszebauen, dass herno do zum Beispill kënne Pendolinozich driwwer fueren. Wann dat stëmme sollt, mengen ech, da sollt een zumindest dat als Chance notze fir besser Verbindunge vu Lëtzebuerg an déi dote Regioun am interregionale Verkéier hierzestellen.

Doriwwer eraus mengen ech datt et wichteg ass, datt mer awer och niewent der Streck Lëtzebuerg-Bréissel versichen engersäits an den Norde vun Däitschland an an de Süde vun Däitschland eng besser Verbindung ze kréien oder iwwerhaapt emol eng Verbindung ze kréien un déi grouss transeuropäesch Netzer. Haut hu mer nach ëmmer keng Léisung. Et besteet elo vläicht eng kleng Hoffnung, wann den TGV-Est an där Form realiséiert gëtt wéi et zumindest vun de Fransousen de Moment nach ëmmer envisagéiert gëtt, nämlech datt eng Ofzweigung gemaach gëtt vu Metz eriwwer a Richtung vu Süddäitschland. Dann hu mer fir de Süden zumindest eng Léisung, mä fir den Norde vun Däitschland sécherlech nach ëmmer keng.

Doriwwer eraus wëll ech drop hiweise wéi dramatesch d'Situatioun am internationale Verkéier am Moment ass a wéi mer riskéieren ofgeschnidden ze ginn. Dir wësst, datt schonn eng Rei vun internationalen Zich an d'Schwäiz ewechgefall sinn an deene leschte Joren, an datt elo erëm eng Kéier virgesinn ass, am Wanterfahrplang vum nächste Joer, fir zwee international Zich an d'Schwäiz a Richtung Italien dorower ofzeschafen. Dat si Situatiounen, déi eis vill Suerge maachen, net nëmmen eleng elo am Sënn Ausbau Eisebunn, mä iwwerhaapt och am Sënn vun uerdentlechen Uschlëss vu Lëtzebuerg un e wichtegt an an Zukunft, menger Meenung no, nach méi ee wichtegt internationaalt Kommunikatiounsnetz.

E véierten Themeberäich ass d'Liberaliséierung vum Giddertransport, déi jo elo an déi konkret Phas gaang ass.

***(Interruption)***

Här Rippinger, ech huelen d'Zäit vu menger Fraktioun mat.

***(Interruption)***

Ah, ech hu geduecht Dir hätt gemengt meng Riedezäit wier ofgelaf. Et schwätzt och soss kee méi vun eis. Maacht lech keng Suergen!

***(Interruption)***

Mir sinn als Gréng der Meenung, datt déi Liberaliséierung Chancen huet an natierlech och Risiken huet. Et ass ëmmer esou, wann een esou eppes ugeet. Et ass ni alles 100%eg. Et gëtt hei ganz kloer Chancen, mä et gëtt och ganz kloer Risiken, mä mir mengen, wann een et uerdentlech ugeet, da kann een d'Risiken évitéieren.

D'Chancë bestinn doranner, datt mer der Iwwerzeegung sinn, datt virun allem de Gidderverkéier op der Schinn eng Chance kréie muss, schonn eleng wéinst der ekologescher Dimensioun, wéinst der Ëmweltdimensioun, déi hannendru steet. Mir als Gréng, zënter datt mer existéieren, ginn net midd fir an där Richtung endlech Handlung ze verlaangen. Mir sinn der Meenung, datt akuten Handlungsbedarf besteet.

Ech mengen awer och, datt souguer an engem liberaliséierte Kontext am Gidderverkéier grad eng kleng Entreprise gréisser Chancë kéint hunn oder souguer méi Chancen kéint hu wéi gréisser méi schwéierfälleg Entreprisen, staatlecher am Ausland, wéi zum Beispill d'SNCB oder och d'SNCF. Grad d'Klengheet an déi domat verbonne méi grouss Flexibilitéit maachen do Chancen op.

Mä awer net nëmmen dat, och d'Ausbildung vum Personal vun der Lëtzebuerger Eisebunn ass wesentlech besser wéi déi vun den Nopeschréseauen. D'Sproochekenntnisser si méi héich. Dat lëtzebuergescht Lokomotivpersonal zum Beispill kennt d'Signalisatioun vun all eisen Nopeschlänner, an dat gëtt eis am Moment op alle Fall Virdeeler.

Ech sinn och éierlech gesot, an do géing ech soen hunn ech ganz sécher eng Divergenz mat de Gewerkschaften, net esou pessimistesch zumindest am Gidderverkéier fir souguer an d'Richtung ze goe vu Jointventurë mat Entreprisen am private Stroosseverkéier, wat de Gidderverkéier ubelaangt. Sous condition natierlech, datt de gesetzleche Rahmen, an deen dat agebett ass, stëmmt, well dat ass fir mech d'essenziell Konditioun déi stëmme muss, fir datt mer dat verhënnert kréien, wat ech nach kuerz wäert uschwätzen.

D'Risike leien natierlech op der Hand. Wann ee liberaliséiere wëllt, esou wéi dat eenzel Leit de Moment verlaangen, da riskéiert ee Sozialdumping. Et riskéiert een alles ze dereguléieren an et geet op Käschte vun der Sécherheet. Mir riskéiere wahrscheinlech am Endeffekt e Kralowetz op der Eisebunn. Et brauch een elo do net vill Fantasie spillen ze loosse fir sech auszedenke wéi dat an Zukunft goe kann. Dat ass guer net esou komplizéiert, mä de Stat huet wéi gesot Méiglechkeete fir esou Dériven ze verhënneren. Ech hoffen och, datt mer aus dem Kralowetz op der Strooss geléiert hu fir de Kralowetz op der Schinn ze verhënneren, fir datt dat eben do net virkënnt.

Fir datt mer dat verhënnert kréien, ass et an enger éischter Phas wichteg, datt déi Règlements grand-ducauxen, déi nach op Basis vum 99er Gesetz ausstinn, elo emol an éischter Instanz an enger Aart a Weis formuléiert ginn, datt se schonn éischt zolidd Barrièren dogéint abauen.

Ee Règlement grand-ducal, nämlech deen deen déterminéiere soll ënner wat fir enge Konditiounen een eng Lizenz herno als privaten Transporteur kritt, fir um Eisebunnsnetz de Giddertransport ze transportéieren, ass schonn um Instanzewee. Esou wäit ech informéiert sinn, ass e beim Conseil d'Etat. An deem Règlement grand-ducal ass et esou, datt eleng am Artikel 5 eng ganz Rei Punkten opgezielt sinn, déi all déi aner Règlements grand-ducauxe betreffen an déi menger Meenung no eng grouss Bedeitung hunn, fir ze verhënneren dass mer an Zukunft e Kralowetz op der Schinn kréien.

Natierlech fält dodrënner, datt mer duerfir suerge mussen, datt zum Beispill de Règlement grand-ducal, deen d'Aptitude fir d'Personal festleeë soll, dat am Eisebunnstransport schaffe soll, dat heescht zumools dat Personal wat am Zesummenhang mat der Sécherheet steet: Lokführer oder och anerer, datt dat esou gehalen ass, datt et similaire ass zu deem wat haut op der Eisebunn existéiert.

Ech wëll nach eng Kéier op dat verweisen, wat ech am Ufank gesot hunn. Déi Aarbechtskonditiounen, déi d'Eisebunner sech iwwer Jorzéngten op der Eisebunn erkämpft hunn, sinn net nëmmen entstanen aus dem blanken Iwwerleeën eraus fir sozial Acquisen ze erweideren, mä eben och aus Sécherheetsgrënn. Et gëtt eng ganz Rei Festleeungen an den Aarbechtskonditioune vun den Eisebunner, déi e ganz enke Lien mat der Sécherheet hunn. Dat ass vläicht fir jiddfereen heibannen oder och dobaussen net esou ersichtlech, mä ech kann lech awer soen, do kéint ech lech esou vill Beispiller gi wéi Dir der gären hätt, fir lech dat ze beleeën. Et géing awer ze wäit féieren, fir dat haut hei op der Tribün ze maachen.

En anert Reglement, wat d'Validitéit vun de Certificats de sécurité fir déi Entreprise definéiere soll, ass och extrem wichteg. Dat gëtt och am Artikel 5 vun deem Règlement grand-ducal, deen um Instanzewee ass, ugeschnidden. An natierlech spillt och d'Material, dat op den Eisebunnsschinnen an der Zukunft rullen däerf, eng Roll. Mir musse kucken, datt mer e Sandweiler schafe fir d'Eisebunn, dat de Numm och an engem Eisebunnersënn verdéngt, fir datt net herno egal wat do op deene Schinnennetzer doruechter rullt.

Ech wär wierklech frou, wann de Minister mer haut hei op der Tribün eng Rei Prezisioune kéint ginn, a wat fir eng Richtung bei deene Règlements grand-ducauxen d'Regierung goe wëllt, natierlech ausser bei deem, dee jo schonn um Instanzewee ass. Bon, ech hunn elo emol zumindest den Text gesinn. Ech weess net, ob déi aner en heibanne kennen. Mä vun deene Règlements grand-ducaux, wou ech den Text nach net gesinn hunn, respektiv wou den Text wahrscheinlech och nach net fäerdeg ass.

Da spillt natierlech och dee Règlement grand-ducal, deen d'Utilisatiouns-Redevancen herno bestëmmt, bei der Eisebunn eng wichteg Roll. Och do kann ee villes falsch maachen a richteg maachen, jee nodeem wéi deen ausgeluecht ass. Och do wär ech frou, wann de Minister eis eng Rei Prezisioune herno gi kéint a wéi eng Richtung dat goe kéint.

Ech wëll och betounen, datt dat hei eng Rei Règlements grand-ducauxe sinn, déi extrem wichteg sinn, zumools am Kontext vun deem Sozialkonflikt, op deen ech nach ze schwätze wäert kommen, deen de Moment op der Eisebunn stattfënnt a wou ech nach ëmmer mengen, dass een e misst verhënnert kréien. Hei kann een eng Rei Äntwerte ginn, déi sécherlech zur Berouegung vum Personal bäidroe kënnen, dat sech natierlech aus verständleche Grënn do eng Rei Suerge mécht.

Am Kader vun der Liberaliséierung ass et iwwregens och interessant op dee Punkt hinzeweisen, dee menger Meenung no gutt beschriwwe ginn ass am Avis vum Conseil économique et social, dee seet datt et doriwwer eraus an deem ganze Beräich do net nëmme bei den Nationalstate wichteg ass fir e gëuerdnete gesetzleche Rahmen ze schafen, mä eigentlech scho misst um communautairen Niveau dofir gesuergt ginn, datt d'Regelen esou sinn, datt déi Saachen, déi ech virdrun als Risiken opgezielt hunn, am liberaliséierte Gidderverkéier net virkomme kënnen.

E fënneften Themeberäich ass de Mentalitéitswiessel. Ech géif emol hei behaapten, datt et eigentlech einfach ass d'Belegschaft vun der CFL positiv ze mobiliséieren. Ech kennen éierlech gesot ganz wéineg eegestänneg Beruffsstänn, wou esou eng Identifikatioun besteet vun de Leit mat hirem Beruff, wéi an deem dote Betrib. Et gëtt déi spezifesch Eisebunnskultur an et gëtt déi spezifesch Motivatioun vun deene Leit, déi do schaffen, fir sech zu hirem Aarbechtsinstrument ze bekennen. Ech behaapte wéi gesot et gëtt se an engem Ausmooss wéi et se eigentlech wéineg an anere Secteure gëtt. Et muss ee se just positiv motivéieren.

Dat erkläert iwwregens och déi grouss gewerkschaftlech Traditioun, déi et an deem Betrib gëtt. Ech wëll drop hiweisen, datt d'Eisebunnsbetriber iwwerall an Europa déi éischt waren, wou iwwerhaapt gewerkschaftlech Strukturen entstane sinn, an net nëmmen iergendwellech gewerkschaftlech Strukturen, mä souguer relativ eenheetlecher.

Wéi gesot, dës Belegschaft ass ze mobiliséieren, wann ee se positiv mobiliséiert. D'Fro, déi ee sech stelle muss, dat ass ob déi Reformen, wéi mer se sécherlech bei der Bunn brauchen a wéi se och elo ugaange gi sinn, ob dat net e schlechte Start war fir positiv ze mobiliséieren.

Ech sinn der Meenung, dass wann e Management vun enger Entreprise, wéi dat bei der CFL de Fall ass, elo schonn zënter e puer Joer un engem Strategiekonzept fir d'Zukunft vun der Entreprise erëmdoktert an et nach ëmmer net bekannt ginn huet an nach ëmmer keen, weder d'Politik nach d'Belegschaft, esou richteg weess, wou dee Betrib an Zukunft higoe wëllt, et dann natierlech schwéier novollzéibar ass fir een, deen an esou engem Betrib schafft, wann negativ Aspekter op eemol no bausse sickeren, fir domadder kënnen eens ze ginn.

Et ass dach menger Meenung no relativ dramatesch, wann dat Strategiekonzept net virläit an et net bekannt ass, wou et soll higoen, wou d'Zil soll si vun deem Betrib, wann dann an esou enger Situatioun Undrohunge komme vu Sozialofbau, Verzichtsfuerderungen opgestallt ginn an et souguer zu engem Broch kënnt vun engem Accord, deen eréischt am Mee 2001 zu Stane komm ass.

Wann ee vun enger Belegschaft dat eent oder aner Opfer wëllt verlaangen, dat wësse mer jo awer hei zu Lëtzebuerg genuch aus aneren ekonomesche Secteuren, zum Beispill aus der Stolindustrie, wéi mer déi restrukturéiert hunn, da muss een emol fir d'éischt seng Zilsetzung vum Betrib kloer definéieren, fir datt och Leit kënnen novollzéie firwat se iwwerhaapt eventuell sollen en Opfer bréngen oder och keent bréngen. Wann dat natierlech net bekannt ass, dann ass et kloer, da kritt ee menger Meenung no näischt duerchgesat, egal wéi gutt et och vläicht gemengt ass. Déi Strategie ass op alle Fall fatal a féiert eis mat Sécherheet an eng Sakgaass eran.

Et gëtt duerfir, menger Meenung no, héich Zäit, datt mer d'Vertrauensbasis tëschent dem Betrib an der Belegschaft erëm hierstellen. Ech soen awer och genausou däitlech, datt et och Zäit gëtt, datt de Stat als méi wéi gréissten Aktionär vun dësem Betrib net nëmme kloer Visiounen huet, wou hien dee Betrib wëllt hischécken, wéi hien e gesäit, mä datt hie sech och muss amëschen an dee Konflikt, deen do amgaangen ass ze passéieren, well de Stat als gréissten Aktionär ëmmerhin eng Responsabilitéit huet fir matzehëllefen, kënnen duerfir ze suergen, datt effektiv dee Mentalitéitswiessel, dee mer kréien, an engem positive Sënn geschitt, an datt mer effektiv erauskommen aus dem Defaitismus vun de 60er, 70er an den 80er Joren.

Déi Gréng sinn der fester Iwwerzeegung, datt d'CFL als wichteg Entreprise publique grad an deem neie liberaliséierten Ëmfeld eng Chance kann hunn, mä si huet nëmmen dann eng Chance wa versicht gëtt gemeinsam an engem offenen, dat heescht net dogmateschen Dialog d'Renaissance vum Schinnentransport unzegoen.

E Scheiteren, dat soen ech genau esou däitlech, vun der Renaissance vun dem schinnegebonnene Verkéier kënne mer eis als Gesamtgesellschaft souwisou net méi leeschten. Dat musse mer eis bewosst sinn. Et gëtt eng ganz Rei Problemer déi domat verbonne sinn an déi maachen, datt mer eis dat net leeschte kënnen. Ëmweltgrënn, ech hunn déi schonn opgezielt, $CO_2$-Emissiounen, mä et gëtt och Grënn vu Liewensqualitéit an et gëtt entre-temps och zolidd wirtschaftlech Grënn, déi einfach maachen, datt mer eis dat net méi esou leeschte kënnen.

Ech mengen dofir, datt mer sollen hei zu Lëtzebuerg an deem dote Beräich déi Reformen ugoen, esou wéi mer dat hei am Land gewinnt sinn am Kader vun engem uerdentleche Sozialdialog an datt mer sollen alles drusetze fir e soziale Konflikt ze verhënneren, an ech mengen och dofir, datt d'Regierung do eng gréisser Responsabilitéit huet. An ech wëll och vläicht, fir dat nach méi ze ënnermaueren, hiweisen op eppes wat en eminenten Deputéierten an engem anere Kontext beim Stat eng Kéier hei op dëser Tribün gesot huet a wat een natierlech genau kann esou iwwerdroen am nämlechte Sënn de Moment fir d'Beleegschaft bei der Eisebunn. Dat war de Fraktiounschef tëschent 1994 an 1999 vun der Demokratescher Partei, deen hei...

***(Interruptions diverses)***

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- 1989 bis 1999!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, Dir waart et natierlech vun 1989 bis 1999, mä ech maachen Iech awer elo nëmmen d'Éier fir dat flott Zitat zwëschent 1984 an 1999 ze zitéieren, well mer dat natierlech hei formidabel an de Krom passt, muss ech éierlech soen.

Wat huet den Henri Grethen deemools als Fraktiounspriecher vun der deemoleger gréisster Oppositiounspartei hei am Parlament gesot? Do ass et gaangen ëm d'Pensioune vun de Statsbeamten. „Wat d'Pensioune vun de Statsbeamten ugeet, sti mir nach wie vor zu deem wat mer d'lescht Joer am Kader vun den Debatten zur Situatioun vum Land gesot hunn. Éischtens, jo zu engem neie Pensiounsregime fir déi kommend Statsbeamten an zweetens Respekt vun den Engagementer, déi mer vis-à-vis vun de Pensionéierten agaange sinn", nom Prinzip pacta sunt servanda, Här Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Dat maache mer jo och bei der Eisebunn.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech hoffen, datt der elo an Ärer Responsabilitéit als Minister fir den Transportressort an als Vertrieder natierlech vum Stat als wäitgehend gréissten Aktionär bei der CFL mathëlleft dofir ze suergen, datt dat wat am Mee 2001 ausgehandelt ginn ass tëschent der Eisebunnsdirektioun, ënner schwierege Verhandlungen esouguer deemools, an de Gewerkschaften, haut agehale gëtt. Ech mengen, et ass nach eng Chance do, wann Der Iech selwer amëscht, fir mat dozou bäizedroen, datt mer iwwert dee Wee dem Land kënnen e Sozialkonflikt, sprech e Streik hei zu Lëtzebuerg évitéieren.

Här President, ech hu mer d'Méi gemaach véier Motiounen ze maachen, déi eigentlech déi wichtegst Punkten a Fuerderunge beinhalten, op déi ech a menger Interpellatioun agaange sinn.

Déi éischt Motioun betrëfft natierlech déi ganz Geschicht vun der Augmentatioun vum Kapital vun der CFL. Ech hunn et erkläert. Ech wëll net nach eng Kéier dat hei widderhuelen. Et ass wichteg, dass mer déi virhuelen, well ansonste scheitert och dës Regierung un hiren eegenen Usprëch, déi se sech selwer gesat huet am Beräich vu Mobilitéit.lu. Där fester Iwwerzeegung si mer.

Déi zweet Motioun, Här President, dréit sech ëm de méi zukünftegen Ausbau vum Schinnennetz iwwert dat wat elo konkret geplangt ass, scho méi a Pläng och virläit an a Projets de loi virläit eraus, bëinhaltet also all déi Projeten, déi ech virdrun opgezielt hunn, wou ech der Meenung sinn datt och dës Regierung aus deene vielfältegen Ursaachen eraus, déi ech opgezielt hunn, haut scho misst e Planning opstellen.

Déi drëtt Motioun, Här President, betrëfft de liberaliséierte Gidderverkéier an natierlech all déi Reglementer, déi nach ausstinn, wou ech virdru gesot hunn, wou eigentlech an der Motioun eng Opfuerderung un d'Regierung geet, fir eben dofir ze suergen, notamment ënner anerem iwwert déi Reglementer, fir déi Risiken, déi ech virdrun opgezielt hunn, ze évitéieren.

An déi véiert Motioun, Här President, déi schwätzt natierlech de Konflikt un, deen de Moment op der Eisebunn usteet, nämlech d'Net-Anhale vun deem Accord tëschent dem Management vun der CFL vum Mee 2001 an de Gewerkschafte wat hir Aarbechtsbedingungen ubelaangt, mä doriwwer eraus si mir als Gréng och der Meenung, datt vu wat fir eng Reformen do ustinn, et noutwendeg wär, datt mer méi e permanenten Dialog kréichen, méi en institutionaliséierten Dialog kréichen tëschent Stat engersäits, dem CFL-Management anerersäits a Beleegschaft anerersäits. Dat heescht, mir fannen datt et noutwendeg ass fir d'Zukunft erëm eng Tripartite sectorielle Eisebunn, wéi iwwregens schonn eng Kéier eng bestanen huet, erëm an d'Liewen ze ruffen, fir iwwert dee Wee dofir ze suergen datt de Sozialdialog méi eng grouss Chance kritt, och fir d'Zukunft an deem Betrib, an ech mengen datt dat och dee richtege Wee wär, wéi ee kënnt zu deem positive Mentalitéitswiessel kommen, deen ech virdrun opgezielt hunn, dee mer onbedéngt brauche wa mer déi schwéier Reformen an awer wichteg Reformen, déi mer an deem dote wichtege Verkéiersberäich fir d'Zukunft brauchen, kréien.

Här President, ech soen Iech merci.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le matériel roulant actuel des Chemins de fer luxembourgeois date en grande partie des années soixante et soixante-dix;*

*- considérant que l'Etat luxembourgeois a omis d'investir dans les CFL depuis les années cinquante et jusqu'à la moitié des années quatre-vingt;*

*- considérant que la qualité-confort est, à côté de la rapidité et d'une cadence élevée, un élément essentiel pour inciter la population à changer ses habitudes et à préférer les modes de transports en commun aux modes de transport individuels;*

*- considérant que l'acquisition de nouveau matériel roulant pour les CFL traîne depuis des années;*

*- considérant que l'acquisition de nouveau matériel roulant moderne et performant est un élément-clé pour atteindre l'objectif de „modal split" 75/25;*

*- considérant que dans l'état actuel la société des chemins de fer luxembourgeoise est sous-capitalisée par rapport aux nécessités d'investissement résultant de la croissance économique élevée des dernières années;*

*- considérant que par conséquent les CFL ne peuvent subvenir par leurs propres moyens financiers à l'acquisition du nouveau matériel roulant nécessaire;*

*- considérant que l'Etat luxembourgeois en tant qu'actionnaire principal des CFL doit prendre ses responsabilités;*

*invite le Gouvernement*

*- à procéder à une augmentation du capital des CFL pour mettre en mesure les chemins de fer d'acquérir le matériel roulant et de traction nécessaire pour garantir un service de transport en commun efficace et de qualité.*

*(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant l'enjeu que représente le facteur de la mobilité et de moyens de transport performants dans le cadre du développement d'une économie moderne;*

*- considérant les problèmes de circulation actuels autour des centres d'activités économiques d'aujourd'hui, surtout la ville de Luxembourg et sa grande agglomération;*

*- considérant que le concept mobilité.lu, bien que constituant un pas dans la bonne direction en matière de développement des transports en commun, présente des lacunes majeures;*

*- considérant que dans ce contexte il n'est toujours pas prévu de connecter directement le centre de la ville de Luxembourg au système de transport hybride par rail;*

*- considérant que lors de la conception des friches industrielles du sud il convient d'éviter les erreurs en matière de politique de transport et de circulation faites dans les premières phases de développement du plateau du Kirchberg;*

*- considérant l'enjeu résultant de l'objectif de réduction des gaz à effet de serre ($CO_2$) de 28% auquel s'est engagé le Gouvernement avec comme échéance la période 2008-2012;*

*invite le Gouvernement*

*- à chercher, ensemble avec la commune de Luxembourg un tracé de connexion du centre-ville au nouveau système hybride des chemins de fer;*

*- à planifier d'emblée, avec les communes du sud concernées, le système train-tram pour les friches industrielles;*

*- à élaborer et à publier un timing exacte des différentes phases de réalisation de l'extension et de l'amélioration de l'offre des transports en commun.*

*(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant l'importance d'une garantie de standards de sécurité élevée pour le fonctionnement des chemins de fer;*

*- considérant que les utilisateurs des chemins de fer ont droit à un niveau de sécurité élevé;*

*- considérant que des conditions de travail convenables des salariés des CFL e.a. en ce qui concerne leurs rythmes de travail, représentent non seulement un acquis social essentiel, mais constituent également un élément-clé permettant de garantir la sécurité de transport;*

*- considérant que la libéralisation des chemins de fer ne doit pas servir de prétexte pour déréguler les conditions de travail et de salaire des agents des CFL;*

*- considérant qu'après la libéralisation du secteur du transport des marchandises par rail, le Gouvernement luxembourgeois doit veiller à ce que le Luxembourg ne devienne pas - à l'instar du secteur du transport de marchandises par route depuis les années 90 - une plaque tournante pour des sociétés de boîte à lettres et/ou des sociétés pratiquant le dumping social dans le secteur des chemins de fer;*

*invite le Gouvernement*

*- à définir des règles claires et strictes en matière de licences déterminant les conditions de délivrance, de renouvellement et de retrait des licences d'autorisation d'exploitation pour les entreprises ferroviaires, les conditions de délivrance et de validité des certificats de sécurité pour les entreprises ferroviaires, les conditions de délivrance du certificat d'aptitude pour le personnel affecté à des tâches de sécurité travaillant pour le compte des utilisateurs de l'infrastructure ferroviaire, de façon à éviter tout dumping social au détriment de la sécurité et de la qualité du service des transports par rail;*

*- à fixer dans ce contexte des normes minimales à respecter par les entreprises ferroviaires désireuses d'obtenir une licence d'autorisation d'exploitation - normes minimales qui concerneront la formation, les conditions de travail et les salaires du personnel desdites entreprises.*

*(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

***Motion 4***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les engagements de la direction des chemins de fer en matière des conditions de travail pour le personnel des CFL travaillant en service irrégulier;*

*- considérant les accords conclus en mai 2001 entre la direction des CFL et les syndicats, accords en relation avec l'ordre général n° 24 définissant les conditions de travail et l'augmentation des effectifs du personnel;*

*- considérant qu'à un moment crucial du renouveau du transport par rail, au Luxembourg et en Europe, un conflit social risque d'entraver sérieusement les chances de réussite des CFL;*

*- considérant que l'Etat luxembourgeois, en tant qu'actionnaire principal des CFL, a un rôle important à jouer pour empêcher un conflit social, voir une grève auprès des CFL;*

*- jugeant inacceptable que la direction des CFL mette en question le droit de grève des agents des CFL;*

*invite le Gouvernement*

*- à agir en actionnaire responsable et à s'engager pour le respect des accords conclus;*

*- à considérer pour l'avenir la mise en place d'un instrument de dialogue, par exemple par une tripartite sectorielle, permettant d'éviter les conflits sociaux au sein du secteur des chemins de fer et de garantir l'avenir des CFL.*

*(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Nobert Haupert agedroen. D'Wuert huet den Här Haupert.

***Discussion générale***

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Här President, no deenen ausféierlechen Ausféierunge vun esou engem eminenten Expär an der Eisebunnspolitik wéi de François

Bausch, fält et mer schwéier hei Stellung zu dëser Interpellatioun ze huelen. Ech wäert awer versiche mäi bescheidene Beitrag an och dee vun eiser Fraktioun zu dëser Thematik ze liwweren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ëmfeld an deem déi nei Eisebunnsgesellschaften haut schaffen huet sech an deene leschte Jore staark verännert. Am Virfeld vun der Liberaliséierung vun dem Schinnentransport, déi vun der Europäescher Unioun annoncéiert war, hunn déi jeeweileg Regierungen d'Aktivitéite vun hiren nationalen Eisebunnsgesellschafte gespléckt an d'Exploitatioun vun dem Eisebunnstransport kloer vun der Schafung an dem Ënnerhalt vun dem Schinnennetz getrennt. Dat bedeit fir Lëtzebuerg, datt an Zukunft der CFL hiren Objet haaptsächlech op der Offer an engem performante Wueren- a Persounentransport soll berouen, während d'öffentlech Hand, esou wéi dat beim Stroossentransport jo och de Fall ass, fir de Bau an den Ënnerhalt vun dem Réseau ze suergen huet.

Wat d'Liberaliséierung vum Eisebunnstransport ubelaangt, esou bedeit dat, an de François Bausch huet schonn drop higewisen, datt an Zukunft déi national Gesellschaften iwwer kee Monopol vum Schinnentransport op dem Territoire vun hirem Land méi verfügen dierfen. Friem a privat Gesellschafte kënnen hir Servicer an deene verschiddene Länner de privaten an öffentleche Clienten am Beräich vum Wueren- a Persounentransport ubidden. An esou wéi dat am Stroossentransport de Fall ass, musse se de Réseau an deenen eenzelne Länner selbstverständlech géint d'Bezuele vun enger Tax benotze kënnen.

Säit dem 15. Mäerz 2003 ass d'Liberaliséierung deelweis am Beräich vum Wuerentransport Wierklechkeet an eng privat Gesellschaft assuréiert och schonns haut den Transport vun Autoen tëschent Dillingen an Antwerpen am Transit iwwer eist Netz.

D'Liberaliséierung am Beräich vum Persounentransport gëtt nach einstweilen eraus verzögert, awer alles weist drop hin, datt se kuerz oder laang och Wierklechkeet wäert ginn.

Här President, d'Meenungen iwwert d'Liberaliséierung ginn auserneen. Aus engem Rapport iwwert déi europäesch Transportministeschkonferenz geet ervir, datt wann d'Eisebunn hiren Undeel um Gesamttransport an Europa wëllt erëm gewannen, de Schinnentransport misst liberaliséiert an op privatwirtschaftleche Kritären exploitéiert ginn. Nëmmen da kënnt hien dem Stroossentransport a puncto Präis a Flexibilitéit eenegermoosse Konkurrenz bidden. Ee vun den Avantagë vun der Liberaliséierung ass ouni Zweiwel d'Konkurrenz, déi de Maart belieft an doduerch d'Attraktivitéit vum Schinnentransport erëm kënnt besser en évidence setzen. Op där anerer Säit muss e private Betrib kucke säi Geschäft ze rentabiliséieren. Dat bedeit seng Leit a säi Material esou rationell wéi nëmme méiglech anzesetzen. Dat kann op d'Käschte vun der Sécherheet goen. Dat bedeit awer ouni Zweiwel, datt déi onrentabel Strecke vu Privatentreprisen net befuer ginn. Op deene Strecke gëtt entweder kee Schinnentransport méi ugebueden oder hie muss vun öffentlecher Hand assuréiert ginn, wat d'Exploitatioun vun deenen nationalen Eisebunnsgesellschaften net méi einfach an nach manner rentabel mécht. Hei schéngt e Widdersproch an den Iwwerleeunge vun de Verfechter vun der Liberaliséierung vum Eisebunnstransport ze leien. Engersäits soll d'Liberaliséierung méi Transport op d'Schinne bréngen an anerersäits bréngt d'Liberaliséierung d'Suppressioun vun onrentabele Strecke mat sech, wat op deene Plazen den Transport op d'Strooss verlagert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng wichteg Fro an deem Kontext ass déi ze wësse wéi Lëtzebuerg am Virfeld vun dëser europäescher Liberaliséierung do steet. Wéi ass et ëm säin Eisebunnsréseau bestallt? Wéi kann d'CFL d'Kompetitioun mat ausländneschen a privaten Eisebunnsgesellschaften ophuelen? Wat sinn d'Atoutë vun eiser nationaler Eisebunnsgesellschaft? Wat sinn hir Nodeeler? Wéi ka se déi behiewen an am Konkurrenzkampf vun enger liberaliséierter Schinnentransportpolitik bestoe kënnen? All dat si Froen, déi eis Regierung awer och d'CFL sech musse stellen a versichen déi richteg Äntwert ze fannen, wa mer d'CFL nach als valable Player am Eisebunnstransportgeschäft vu muer wëllen erëmfannen.

Fir de Réseau ass, wéi schonns ernimmt, zënter enger Zäit d'öffentlech Hand zoustänneg. Hei kënnt et drop un, datt mer e gutt a séchert Schinnennetz hunn, e Schinnennetz dat d'Besoine vum nationale Verkéier flächendeckend a komplementar zum Stroossentransport kann ofdecken, e Schinnennetz dat eng gutt Ubannung un déi international Réseauen a besonnesch un déi europäesch Héichgeschwindegkeetsnetzer huet.

Wat de bestehende Réseau ubelaangt, esou muss een zouginn, datt mer ee vun deene modernsten a séchersten Eisebunnsnetzer aus Europa hunn. An deene leschten 20 Joer gouf permanent un eise Linne geschafft. Keng vun eise Linnen ass méi wéi 20 Joer al. 95% vun eise Linne sinn elektriséiert. Virun 20 Joer waren dat net emol 50%.

D'Energieaspeisung steet um leschte Stand vum Fortschrëtt. Eise Réseau verfügt iwwer déi modernste Signalisatiounstechnik. Eis elektronesch Stellwierker sinn déi bescht équipéiert a wäitem Ëmkrees. Am europäeschen Zuchkontrollsystem spillt Lëtzebuerg eng Virreiderroll, a 86% vun de Signaler vum ganze Réseau si mam Memo 2 plus-System équipéiert, wouduerch den Zuch automatesch ofbremst, wann en zwee Kontrollpunkten hannerteneen net signaliséiert huet.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Wat d'Zukunftspläng vun der Regierung ubelaangen, déi jo gréisstendeels am Strategiepabeier fir de Schinneverkéier Mobilitéit.lu enthale sinn, dat den Transportminister d'lescht Joer der Chamberskommissioun virgestallt huet, op dat hien herno och héchstwahrscheinlech am Detail nach wäert agoen, esou berouen déi op enger Zilsetzung vun enger Mobilitéit vun 25-75. Dat heescht datt mer an Zukunft 25% vun de Beweegunge vun de Leit an eisem Land mat kollektiven Transportmëttele wëllen ausféieren. Haut sinn dat nëmme knapp 14%.

Wann ee bedenkt, datt bis d'Joer 2020 de Gesamtverkéier bei eis am Land ëm 65% soll zouhuelen, da misste fir dat Zil ze erreeche bis dohin dräimol méi Leit wéi dat haut de Fall ass den öffentlechen Transport benotzen. Am Grenzverkéier missten dat der esouguer véiermol méi sinn.

Wann ee bedenkt, datt haut an de Spëtzestonnen eist Eisebunnsnetz an eist Material iwwerlaascht sinn, da kann ee sech liicht virstellen, wéi vill datt an deenen nächste Jore muss investéiert ginn, fir datt mer dat Zil erreeche kënnen. Dobäi soll an däerf een awer och net vergiessen, datt am Gesamtkonzept vun der Mobilitéit hei zu Lëtzebuerg Iwwerleeungen an och Ustrengunge mussen ënnerholl ginn, fir an Zukunft d'Beweegunge vun de Leit an eisem Land ze reduzéieren, andeems een d'Funktioune Schaffen, Erhuelen, Akafen an esou weider versicht méi no beieneen ze leeën.

Här President, eng Förderung vum öffentlechen Transport bedéngt eng Verbesserung vun dem öffentlechen Angebot. Hei kënnt et op sécher, bequem, heefeg, schnell an zouverlässeg Verbindungen un, fir déi potenziell Benotzer vum öffentlechen Transport unzezéien. Dofir ass den Ausbau vun eisem bestehende Schinnennetz och onëmgänglech. Dobäi däerf een awer den Ënnerhalt vun deem bestoenden Netz net vernoléissegen. Dësen Ausbau muss am Kontext éischtens vun enger Entlaaschtung vum Verkéier aus an ëm d'Stad Lëtzebuerg, zweetens vun enger besserer Verbindung tëschent deenen an der Landesplanung virgesinnen Développementspolen Esch, Lëtzebuerg an Nordstad, drëttens vun dem Pendelverkéier vun de Frontalieren aus dem noe Grenzgebitt a véiertens am Kontext vun der Ubannung un dat europäescht Héichgeschwindegkeetsnetz gesi ginn.

Wat den Ausbau vum Réseau betrëfft, wëllt ech e puer Problemer hei kuerz beliichten. Wat d'Entlaaschtung vun der Stad Lëtzebuerg ubelaangt, esou däerf een net vergiessen, datt e groussen Deel vum Individualtransport a besonnesch vum Kollektivtransport duerch den Zentrum vun der Stad op de Lampertsbierg an nach méi wäit op de Kierchbierg féiert. Do schéngt et logesch éischter ze versichen dee Verkéier ëm d'Stad erëm ze féieren anstatt mordicus Iwwerleeungen unzestrengen, fir erauszefanne wéi een dee Verkéier besser duerch den Zentrum vun der Stad kënnt leeden.

De Willy Bourg huet a senger Interventioun zum Marc Zanussi senger Interpellatioun iwwert d'Zukunft vum Kollektivtransport am Joer 2000 folgendes bemierkt, an ech zitéieren: „Et mussen Alternativen zum Tracé duerch de Stadkär op den Dësch, an dat esou schnell wéi méiglech. Dës Alternativ muss mat der Stad ofgeschwat sinn. Mä de BTB ass net eleng e Konzept fir d'Stad. De Konzept BTB steet a fält net eleng mam Tracé duerch d'Stad. Et ass e regionaalt Verkéierskonzept an d'Stad Lëtzebuerg kann do net eleng ausschlaggebend sinn." An nach méi wäit seet en: „Bei engem öffentlechen Transport, dee säi Sënn an Zweck erfëllt, geet et drëms fir zwee Punkte schnell, pünktlech an oft mateneen ze verbannen. A fir datt dëst esou reibungslos wéi méiglech passéiere kann, ass et eigentlech onvermeidbar, datt den öffentlechen Transport absolut a senger eegener Trace fiert. D'Anhale vun dëse Prinzipie schéngt mer net onwesentlech fir de Succès vun all neie Projeten ze suergen. Een Tram brauch Plaz fir ze fueren. Wou hu mer déi néideg Terrainen? Wou schaffen déi meeschte Leit? Wou sinn eis Schoulen? Dat sinn déi wichtegst Froen. Ëmmer méi Leit schaffen nämlech net am Stadszentrum, mä un der Périphérie. A fir vun der Stat an eng Périphérie ze fueren, respektiv fir vun enger Périphérie an déi aner ze kommen, muss een net duerch de Stadkär fueren. Et kann een och ronderëm fueren. An hei si verschidden Tracéë relativ schnell ze realiséieren."

Ech denken do nach ëmmer, wéi de Willy Bourg, un den Tracé Gare-Findel-Kierchbierg, ech denken awer och an enger zweeter Phas un den Tracé Kierchbierg-Glacis-Lampertsbierg. Mir mussen elo an net eréischt a sechs Joer oder nach méi spéit déi néideg Décisiounen huelen, fir datt de BTB, oder wéi dat neit Verkéierskonzept och ëmmer heesche wäert, an e puer Joer fiert, a mer sou de Verkéiersinfarkt an der Stad vermeiden; sou de Willy Bourg virun dräi Joer zu der Verkéiersentlaaschtung vun der Stad Lëtzebuerg.

D'Ubanne vun der Staadter Gare an de Linnen aus dem Süden iwwert de Findel un de Kierchbierg, sou wéi vun der Nordstreck iwwer Dummeldeng mat enger Tramslinn un de Kierchbierg an de Findel, schéngt mer eng gutt Léisung fir d'Entlaaschtung vun der Gare an dem Stadsverkéier ze sinn.

Wann een dann nach kéint d'Waasserbëllegerstreck vu Mënsbech aus direkt un de Findel ubannen, d'Cloche d'or, wéi de Fränz Bausch schonn drop higewisen huet, iwwert déi geplangten Zweetstreck Esch-Leideleng-Lëtzebuerg un d'Schinnennetz ubënnt, an de Geesseknäppche mam Zuch kéint bedéngen, dann hätte mer e groussen Deel vum Verkéier aus der Stad an d'Périphérie erausgezunn.

Wann dann déi geplangte Quartiersgaren zu Zéisseng, um Houwald, um Kierchbierg an zu Dummeldeng nach realiséiert sinn, dann ass d'Gare vu Lëtzebuerg gréisstendeels vum Beruffs- a Schoulverkéier entlaascht a ka senger Missioun als international Verkéiersgare méi gerecht ginn. Domat wär e groussen Deel vum BTB-Konzept realiséiert, an den Dram vun engem Tram duerch de Stadkär net definitiv kompromettéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg muss sech senger Responsabilitéit vun enger europäescher Haaptstad och am Schinnentransport méi bewosst ginn. D'Ubannen un den TGV-Est ass eng Initiativ an déi richteg Richtung. Hei muss sécher gestallt ginn, datt d'Horairë vum TGV sou aménagéiert ginn, datt se fir d'Beruffs- an d'Geschäftsdéplacementer vun de Lëtzebuerger op Paräis eng valabel Alternativ zum Fliger an dem Auto duerstellen. Eng Verbindung zur Héichgeschwindegkeetsstreck Bréissel-Léck-Köln, iwwert d'Nordstreck via Gouvy kéint eng aner, fir eis d'Land interessant Initiativ duerstellen.

Dat alles géing awer Lëtzebuerg nach keen direkten Duerchgang vun engem Héichgeschwindegkeetszuch verschafen. Eng direkt Verbindung mam TGV tëschent deenen dräi europäeschen Haaptstied - Bréissel, Lëtzebuerg a Stroossbuerg - schéngt fir e Laie wéi mech eng éischt Prioritéit fir déi dräi Länner missen ze sinn a misst kënne prioritär an engem europäesche Projet agebonne ginn. Hei missten d'Hiewelen op europäeschem Niveau a Bewegung gesat ginn, a bei dem Ausbau vun de Strecke Klengbetten-Lëtzebuerg a Lëtzebuerg-Beetebuerg misste sou Projete Rechnung gedroe ginn.

Wat d'Erschléissung vun den Industriebroochen Esch-Belval ubelaangt, sou war am Strategiepabeier eng Zuch-Tram-Léisung virgesinn, an där d'Gefierer och op der neier Streck Esch-Lëtzebuerg kéinten agesat ginn. De François Bausch huet schonn drop higewisen, datt verschidden Zeitungsartikelen no den Tram-Verkéier soll an de Broochen a Fro gestallt sinn. An hei wéilt ech och den Transportminister froen, fir eis Opschloss iwwert déi Problematik ze ginn.

De Projet gesäit des Weideren eng Verlagerung vun dem Tracé iwwert de Viaduc zu Esch op d'Brooche vun den Terres Rouges vir, mat enger Ubannung un de geplangten neien Emplacement vum Lycée Hubert Clement, sou wéi en Abandon vun der Streck Belval-Réideng, Belval-Zolwer, déi queesch duerch d'Uertschaft Bieles féiert, mat enger direkter Tunnelverbindung tësche Bieles/Gemeng an Uewerkuer, wat eng wesentlech Verbesserung géing fir d'Liewensqualitéit vun den Awunner vu Bieles duerstellen. Do soll een och deem Projet eng gewësse Prioritéit accordéieren.

Wat déi nei geplangte Streck Esch-Lëtzebuerg ubelaangt, déi iwwer Féiz a Leideleng op Zéisseng soll féieren, kann ee sech och d'Fro stellen, firwat déi onbedéngt iwwert d'Escher Gare muss féieren. Wier et net méi sënnvoll wann déi Linn vun de Broochen iwwert déi bestoend Wierkslinn vun der Arcelor via Éilerenger Crassier a Lalleng op Féiz géif féieren, déi Linn wär méi direkt a kéint de Quartier Lalleng och direkt un den Zuch ubannen. Sou wäit wat de Réseau ubelaangt.

Här President, fir d'Exploitatioun vum Réseau ass d'Eisebunnsgesellschaft zoustänneg. Och si muss kucken, wéi si der Erausfuerderung vu Modal split 25/75 an der ustehender Konkurrenz vun der Liberaliséierung wëll begéinen. Wat sinn der CFL hir Atouten a wou leien hir Nodeeler op déi se onbedéngt muss awierken, fir déi Défiën ze meeschteren?

D'Virdeeler vun der CFL leien ouni Zweifel an der Qualitéit an an der Sécherheet vun eisem Réseau, dee wéi mer gesinn hunn och nach weider soll ausgebaut ginn. En anere Virdeel läit an der Qualitéit vun dem Personal, an dat souwuel wat hir technesch wéi och wat hir sproochlech Kenntnisser ubelaangt. An net zulescht muss een e Virdeel vun eiser Eisebunnsgesellschaft am soziale Fridde gesinn, deen eis Aarbechtswelt kennzeechent an dee Lëtzebuerg bis elo vu gréissere Streike verschount huet.

E Client deen haut seng Wuere gär „just in time" geliwwert hätt, dee wennt sech éischter un en zouverlässegen Transporter, och wann deen e bësse méi deier ass. Datselwecht gëllt fir d'Persounen, déi sech musse fir déi eng oder aner Tansportgesellschaft oder fir dat eent oder anert Transportmëttel entscheeden.

Wann den Zuch deeselwechte Confort ubidde ka wéi aner Verkéiersmëttelen, an dobäi och nach sécher a pünktlech eng bestëmmten Destinatioun ufuere kann, dann ass d'Décisioun vum Choix vum Verkéiersmëttel a vun der Transportgesellschaft schnell geholl.

Dofir schéngt mer den Zäitpunkt vun deem geplangte Warnstreik och ongënschteg. Net well ech d'Justificatioun vum Streik a Fro stellen, awer am Moment steet d'CFL virun enger wichteger strategescher Décisioun wat hiert Gesamtkonzept fir d'Zukunft vun der Gesellschaft ubelaangt, aus där een d'Personalpolitik net eenzel ka betruechten.

An der Zukunft geet et net nëmmen duer datt d'Gesellschaft e Service ubitt, e muss och nach rentabel a konkurrenzfäeg sinn, soss ass d'Gesellschaft zum Verschwanne veruerteelt. Dat ass den Enjeu vun eiser Eisebunn, wéi iwwregens vun allen nationalen Eisebunnsgesellschaften, an dofir muss d'Direktioun an de Verwaltungsrot och Verantwortung droen.

Och eis Stolindustrie war an den 80er Jore mat engem ähnleche Problem konfrontéiert. Duerch Restrukturatiounen, Rationaliséierunge konnt si de Standuert Lëtzebuerg mat Hëllef vum Stat a mat dem néidege Versteesdemech vun de Gewerkschaften assuréieren.

Eis belsch Noperen hunn do manner Wäitsicht walte gelooss a sinn dofir haut mat deene Problemer konfrontéiert, déi mer jo kennen. Dat wëll bei Leiwen net heeschen, datt elo bei der Eisebunn konsequent Personal soll ofgebaut ginn. Dat wär och net wäitsichteg, wann een den Ausbau vun de Servicer eleng nëmmen am nationale Persounentransport betruecht. Awer d'Décisioune mussen an dem Kontext vun enger Gesamtstrategie geholl ginn.

Et soll een och net aus den Ae verléieren, datt an deene leschte fënnef Joer ëmmerhi 751 nei Leit agestallt goufen, géintiwwer natierlech 591 Ofgäng, wat ëmmerhin nach en Nettozouwuess vun 160 Leit ausmécht. Méi Flexibilitéit an Asaz ass an Zukunft verlaangt,

soss kann d'CFL d'Erausfuerderung vun der Liberaliséierung net bestoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi all europäesch Eisebunnsgesellschaft huet och d'CFL e Problem wat d'Rentabilitéit vum Wuerentransport ubelaangt. Fir d'CFL stelle sech am Beräich vum Fret nach zwee zousätzlech Problemer. Deen ee besteet an der Gréisst, oder besser gesot an der Ageschränktheet vun eisem Netz, an deen aneren an der grousser Onofhängegkeet vun engem eenzege Client, der Arcelor.

D'Stolprodukter an d'Rohmaterial vun der Arcelor maachen 80% vum Fret vun der CFL aus. Hei kann an der Liberaliséierung eng Chance fir d'CFL bestoen, fir méi grouss a rentabel Strecke kënnen ze bedéngen. D'Sproochekenntnisser vun eise Maschinisten, sou wéi hir technesch Ausbildung an Erfahrungen, besonnesch am Beräich vun der Sécherheet, kéinten och en Atout fir eis Eisebunnsgesellschaft am Beräich vum Wuerentransport duerstellen.

Accordë fir Gütertransportkorridore si schonns mat de belschen a franséischen Eisebunne getraff ginn, weider Accordë mussen nach an de Wee geleet ginn. Am Beräich vum Wuerentransport läit mat Sécherheet e grousse Potenzial fir d'CFL.

Och wat den internationale Persounentransport ubelaangt, kéint d'Qualitéit vun eisem Personal e Garant fir e sécheren an zouverlässlege Service duerstellen, an domat zur besserer Rentabilitéit vun der Gesellschaft bäidroen.

Wat den nationalen a regionale grenziwwerschreidende Persounentransport ubelaangt, esou huet d'CFL d'Weiche fir d'Zukunft gestallt. Iwwerlaaschtent an deelweis vereelste Material hu bis elo zu enger mannerwäerteger Qualitéit vun de Servicer vun eiser Eisebunnsgesellschaft gefouert. Fir dem opzehéieren ass en Investissementsbudget vun 850 Milliounen Euro fir déi nächst fënnef Joer fir d'Erneierung vum Fuhrpark fir de Persounentransport virgesinn. Dësen Investissement soll net nëmmen de Fuhrpark méi modern gestalten, mä d'Capacitéit vun 13.000 Sëtzplazen op 29.000 eropschrauwen. Déi éischt Bestellunge goufe schonns an Optrag ginn. Déi éischt Liwwerunge si fir Februar vum nächste Joer virgesinn.

D'CFL ass sech awer bewosst, datt d'Qualitéit vun hire Servicer net eleng vum Zoustand vun hirem Fuhrpark ofhänkt. Dofir schafft se ganz staark un engem Qualitéitsplang, deen d'Leeschtung vun der Gesellschaft op deene verschiddene Punkte wéi d'Informatioun, d'Signalisatioun, den Aménagement vun de Garen, d'Propretéit, d'Sécherheet, d'Pünktlechtkeet an d'Sécuritéit nach verbessere soll. Bei der Ausschaffung vun deem Plang ass d'Erunzéie vun de Benotzer vun der Eisebunn virgesinn.

Och an anere Beräicher wéi dem Triage, wou mer eng performant Installatioun besëtzen, an dem Entretien vum Fuhrpark, wou mer iwwer héich qualifizéiert Leit verfügen, bidde sech interessant Nichen an nei Opportunitéite fir eis Eisebunnsgesellschaft. Et ass un der CFL fir den néidege Profit aus deenen neien Opportunitéiten ze zéien an eng effikass a prompt Äntwert op d'Erwaardunge vun de Clienten ze fannen.

Mam President vum Verwaltungsrot vun der CFL si mer averstanen, wann hien an engem Artikel schreift: „Pour répondre aux attentes d'une clientèle de plus plus exigeante, les chemins de fer doivent améliorer sans cesse leurs prestations afin de pouvoir offrir au moins le même niveau de qualité que les autres transporteurs, ceci tant en termes de prix, de rapidité, de fiabilité et de sécurité."

D'Erausfuerderung fir d'CFL ass interessant an den Enjeu vu grousser Wichtegkeet. Mir sinn iwwerzeegt, datt mat der Hëllef vun alle concernéierte Partner d'Gesellschaft déi richteg Akzenter ka setze fir den Défi ze meeschteren a fir aus der CFL e wichtege Player um liberaliséierte Schinnentransportmaart ze maachen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Haupert. Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi ageschriwwen. Här Zanussi, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, innerhalb vun deene leschten zwee Méint hu mer elo fir d'zweet d'Geleeënheet eis mat Froe vun der Mobilitéit a méi spezifesch mat Froe vun der Eisebunn ze beschäftegen.

Ech hat a menger Interpellatioun vum 12. Mäerz schonn eng Rei vu Froe gestallt gehat, déi sech mat der Eisebunn an den zukünftegen Infrastrukture vun der Eisebunn beschäftegen. Mir hunn och als Fraktioun an där Interpellatioun eis Positioun iwwert de Wee vu Motiounen an enger Rei vun Infrastrukturprojete festgeluecht, sou dass ech a menger Interventioun vun haut déi nach just op e puer Plaze wäert sträifen. Wat d'Interpellatioun vum Här Bausch ubelaangt, huet déi jo, opgrond vun der Tatsaach, dass mer an e puer Deeg mat engem Warnstreik op der Eisebunn konfrontéiert sinn, eng gewëssen Aktualitéit kritt, déi u sech virdrun net gi war.

Wann hei vun engem Streik geschwat gëtt, wa geschwat gëtt e Warnstreik ze organiséieren, da gëtt dat hei am Land am Aarbechtskampf éischter selten ugewannt, an dat, well mer hei am Land Gewerkschaften hunn, déi eng grouss Responsabilitéit hunn a wësse wéi se mat de Problemer am Land sollen ëmgoen. Wann also ee Streik eng Noutwennegkeet gëtt, dann ass dat, besonnesch an dësem Fall drop zréckzefiéieren, dass et tëschent de Sozialpartner ee ganz zolitte Konflikt gëtt.

D'Situatioun op der Eisebunn am Beräich vum Fuhrpark, am Beräich vun den Atelieren, am Beräich vun den Aarbechtskonditiounen ass relativ katastrophal an et muss ee ganz kloer soen, dass d'Leit, déi op der Eisebunn schaffen, deene kommende Liberaliséierungsbestriewunge mat Suerg entgéintkucken a sech och Suergen ëm hir Aarbechtsplaze maachen.

De Fuhrpark, an ech kommen herno nach eng Kéier drop zréck, dat heescht d'Maschinnen an d'Voituren, déi op der Eisebunn fueren, sinn total vereelst, sinn enorm reparaturfälleg a brauche ganz vill Main-d'oeuvre fir an der Rei gehalen ze ginn. D'Atelieren, an deenen d'Eisebunner am Moment musse schaffen, sinn aus dem Zweete Weltkrich, sinn nom Zweete Weltkrich restauréiert ginn an entspriechen net méi deenen technesche Viraussetzungen, déi noutwenneg si fir anstänneg an effikass kënnen ze schaffen.

Wann dovunner geschwat gëtt, an den Här Haupert huet et virdru gesot, dass an deene leschte Joren eng Rei vu Leit agestallt gi sinn - en huet d'Zuel vu 751 genannt -, an et kuckt een d'Ofgäng, da gesäit een zwar, dass e liichte Plus bleift, wéi hie gesot huet, vun eppes iwwer 100 Leit, mä da muss een awer ganz kloer an däitlech soen, dass dee Plus och domadden ze dinn huet, dass op der Eisebunn am Laf vun deene leschte Jore vill méi Aarbecht op d'Leit duerkomm ass, dass den Takt verdicht ginn ass, dass d'Reparaturen zougeholl hunn an dat Personal eng absolut Bluttnoutwennegkeet war, ansonsten d'Eisebunn iwwerhaapt net méi kéint funktionéieren. Ech wëll awer drun erënneren, dass insgesamt, wann een de Personalstand vun der Eisebunn kuckt, mer an de 40er Jore 6.500 Leit do schaffen haten an haut nach mat engem Effektif vun 3.200 musse liewen, wat awer ee ganz zolitten Aschnëtt ass, wat jo, denken ech, keen dierft bestreiden.

Da muss een och feststellen, dass an deene leschte Jore kontinuéierlech d'Aarbechtskonditiounen op der Eisebunn verschlechtert gi sinn, dass duerch deen Defizit un Effektivpersonal op der Eisebunn villes am Uerge läit an dass ënner Ëmstänn dat souguer kann dozou féieren, dass eng Rei vu Gefore besti wat d'Sécherheet op der Eisebunn ubelaangt, doduerch dass net genuch Personal virhanden ass. E Bewäis dofir ass, dass zum Beispill am Joer 2002 300 Sonnerschichten hu misse geschafft ginn. Dat heescht, 300-mol huet missen eng Derogatioun geholl gi vis-à-vis vun de Conditions de travail, déi et op der Eisebunn gëtt. Déi Derogatiounen, déi waren noutwenneg, net eleng duerch d'Tatsaach dass vill Aarbechten op der Eisebunn hu misse gemaach ginn, mä si waren haaptsächlech d'Ursaach, an dat konnt ech an engem Interview am Lëtzebuerger Land noliesen, an enger Ausso, déi de Roland Schreiner do gemaach huet, an dee weess vu wat dass e schwätzt. Tatsaach ass, dass et en effektive Personalmangel op der Eisebunn gëtt, dass duerch dee Personalmangel d'Leit vill méi Schichte musse schaffen, an duerch déi héich Zuel vu Schichten, déi se musse schaffen, d'Aarbechtskonditiounen net méi age hale konnte ginn, an den Ordre général 24 huet missen iwwert de Wee vun deenen doten Deroga tioune kontrolléiert ginn.

Et ass och eng Tatsaach, dass bei de Maschinisten, déi op der Eisebunn schaffen, d'Situatioun relativ katastrophal ass, wann ee weess dass 10.000 Iwwerstonne geleescht goufen, wann ee weess dass et Leit gëtt, déi duerch déi Zuel vun Iwwerstonnen an duerch déi Congéën, déi se am Laf vun de Joren accumuléiert hunn, eigentlech bis zu praktesch engem Joer éischter mussen an d'Pensioun goen, fir alles dat ze kompenséiere wat se an deene leschte Joren net konnte kréien.

Et ass och eng Tatsaach, dass haut op der Eisebunn d'Maschinisten an d'Leit op de Stellwierker néng Deeg hannerenee musse schaffen, souguer bis zu 12 Deeg, wat onhaltbar Konditioune sinn, wat u sech jidderengem misst aliichten.

D'Tatsaach och nach, dass déi Leit Schichte musse schaffen. Ech weess net ob et der heibanne vill gëtt déi wëssen, wat fir eng kierperlech Belaaschtung Schichtschaffen duerstellt, mä Dir musst lech emol virstellen 12 Deeg hannereneen ze schaffen, ouni dass een Dag dertëschent fräi ass.

Vun dohier, Här President, ass et jo kee Wonner, an d'Fuerderungen, déi d'Eisebunnsgewerkschaft an deem doten Zesummenhang huet, si keng Utopie a sinn och net onrealistesch, wa se froen dass nëmme méi siwen Deeg däerf hannerenee geschafft ginn, dass nëmme méi fënnef Nuetsschichten däerfen hannerenee gemaach ginn, an dass duerno zwee Deeg solle fräi sinn. Ech mengen dass, 30 Joer no der Aféierung vun der 40-Stonne-Woch, dat dote keng utopesch Fuerderunge sinn, mä Fuerderunge sinn déi hir Berechtegung absolut fannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gewerkschaften hu mat der Eisebunn iwwert déi dote Situatioun verhandelt an am Mee 2001 ass e Resultat erauskomm mat deem d'Gewerkschaften averstane waren, e Resultat mat deem och d'Eisebunnsdirektioun averstane war, well um Site vun der Eisebunnsdirektioun war ze liesen: „Die CFL-Direktion ist auch der Meinung, dass die im Mai 2001 getroffene Vereinbahrung über die Verbesserungen der Arbeitsbedingungen eine gute Lösung darstellt, dies im Sinne sowohl des betroffenen Personals als auch des CFL-Unternehmens." Dat ass d'Positioun gewiescht vun der Eisebunnsdirektioun am Mee 2001.

Verbesserungen, déi do geschwat ginn, sollten am Juli 2003 a Kraaft trieden, Verbesserungen, déi selbstverständlech vun de Leit, déi op der Eisebunn schaffen, déi betraff waren, erbäi gewënscht si ginn. Tatsaach war awer, datt am Dezember 2002 d'Eisebunnsdirektioun näischt méi wollt vun deenen doten Accorden héieren.

D'Gewerkschaften hunn dat Resultat, wat se 2001 ausgehandelt haten, wat Kompromëssresultater waren, wou d'Gewerkschaften och Kompromësser gemaach hunn, bei hire Membere vertrueden, bei hire Membere verkaaft an d'Zoustëmmung dofir fonnt, an dohier ass et absolut ze verstoen datt, wann aus net erklärbare Grënn déi dote Konditioune gekënnegt ginn, d'Reaktioun vun de Gewerkschafte muss a Form vun engem Warnstreik ausgesinn.

D'Gewerkschafte sinn hei an der Responsabilitéit vis-à-vis vun hire Memberen, a wa se hir Glafwierdegkeet eescht huelen, an dat maache se, dann ass dat heiten dat Eenzegt wat se konnte maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer dovunner schwätzen datt et e Problem gëtt tëschent der Eisebunn an dem Personal dat do schafft, der Direktioun, dann, denken ech, ass et awer och hei un der Zäit ze soen, wien da schlussendlech d'Eisebunn duerstellt. Den Här Bausch huet dat a senger Interventioun scho kuerz gesot.

D'Eisebunn ass schlussendlech zu 94% an den Hänn vum Lëtzebuerger Stat. Am Verwaltungsrot vun der Eisebunn setze majoritär Leit, déi vun der Regierung dohinner genannt gi sinn an déi laut eiser Gesetzgebung vun 1990 weisungsgebonne sinn. Dat heescht, hei geet et eigentlech net an deem Sozialkonflikt, mat deem mer elo konfrontéiert ginn an nach ënner Ëmstänn bleiwen, drëm déi béis Eisebunnsdirektioun ze culpabiliséieren, mä hei geet et ganz kloer drëm, datt d'Regierung an de responsablen Transportminister eigentlech d'Uspriechpartner sinn, fir dee Sozialkonflikt, mat deem mer elo konfrontéiert sinn. An den Transportminister ka sech an dëser Fro net derhannert verschanzen, datt e seet, e géing sech net an d'Gestion journalière vun der Eisebunn amëschen. Mir vertrieden d'Meenung, datt hei an dësem Konflikt, deen elo bevirsteet, ganz kloer den Transportminister an d'Regierung hir Responsabilitéit mussen iwwerhuelen.

An ech erënneren drun, datt wann ee vun Accordë schwätzt, déi eemol getraff gi sinn, och sollen agehale ginn, un déi Spréchelcher, déi deemools vun der Demokratescher Partei vun dësem Riednerpult a vun anere Plazen ausgeschwat gi sinn, Pacta sun servanda, Pacta servanda sunt, doriwwer, datt Accorden, déi getraff gi sinn, sollen agehale ginn, et bien, da géing ech hei déi Leit, déi deemools dat iwwert déi Accorden do gesot hunn, och haut anhalen a Spréchelcher ewéi, versprach ass versprach a gëtt net gebrach. Wa se deemools Gëltegkeet haten, dann denken ech datt se och haut Gëltegkeet hätten, an dofir géing ech mech dann elo schonn dorop freeën dem Transportminister seng Äntwert ze héieren, doriwwer wat en da gedenkt ze maachen, fir deem Sozialkonflikt, deen elo bevirsteet, entgéint ze wierken...

***(Interruptions diverses)***

...a säi Verspriechen anzehalen, wat hien a seng Partei am Joer '98 bei der Diskussioun iwwert d'Pensiounsreform agefuerdert hunn. Wat deemools Gëltegkeet hat, muss jo och haut...

***(Interruptions diverses)***

...nach gutt sinn.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Wat sidd Dir dann elo do amgaang ze verzielen? Här President, den Här Zanussi ass elo amgaang mir virzewerfen, ech wëllt d'Pensioune vun den Eisebunner kierzen. Dat kann dach net sinn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir hutt et vläicht wëlles, mä Dir traut Iech net!

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Mä dat ass nach schlëmmer. Den Här Fraktiounspresident heet nach eng drop. Dat do si Calomnien!

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Här President, ech fannen et u sech scho befriemend, datt e Member vun der Exekutiv hei an där doter Aart a Weis intervenéiert. Ech soen hei dat...

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Mä wann een esou Lige seet, da muss een dach intervenéieren!

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- ...wat ech wëll, a wann dat Iech net gefält, da braucht Der net nozelauschteren! Ech hunn hei d'Wuert an ech soen dat wat meng Meenung ass, egal wat Dir dozou ze soen hutt.

A wann ech soen datt dat, wat versprach ginn ass, och agehale soll ginn, da géing ech hei am Numm vun eiser Fraktioun eng Motioun deponéieren, wou mer d'Regierung invitéieren hir Vertrieder am Verwaltungsrot unzeweise soss näischt ze maache wéi dat, wat am Mee 2001 versprach ginn ass, nämlech déi Aarbechtskonditiounen an déi Kontrakter, déi arrangéiert gi sinn, och anzehalen, an ech wëllt dat hei iwwert de Wee vun dëser Motioun maachen.

***Motion 5***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les accords conclus entre la direction de la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois (SNCFL) et les partenaires sociaux en date du 25 mai et du 7 juin 2001 concernant l'introduction de nouvelles conditions de travail pour les cheminots, dont l'entrée en vigueur était prévue pour juillet 2003;*

*- soulignant qu'il est indispensable de veiller à ce qu'il y ait du personnel en nombre suffisant, bénéficiant d'une formation adéquate et pouvant profiter de conditions de travail appropriées au sein de la SNCFL afin qu'un service public de qualité accessible pour tous les usagers puisse être garanti;*

*- rappelant que le Gouvernement est actionnaire à 94% du capital social de la SNCFL et qu'il dispose d'un commissaire près les CFL ainsi que d'une majorité de représentants au sein du conseil d'administration de la SNCFL;*

*- sachant que la direction de la SNCFL n'a pas l'intention de respecter les accords du 25 mai et du 7 juin 2001 mentionnés ci-dessus;*

*invite le Gouvernement*

*- à faire en sorte que ses représentants au sein du conseil d'administration de la SNCFL s'engagent pour un respect et une mise en pratique des accords conclus entre la direction de la SNCFL et les partenaires sociaux datant du 25 mai et du 7 juin 2001.*

*(s.) Marc Zanussi, Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Mady Delvaux-Stehres, Jeannot Krecké.*

An ech wëll drun erënneren, datt an deem leschte Konflikt, wou de Stat jo och Propriétaire an eenzelne Gesellschaften ass, wéi zum Beispill der SES, wou en nëmme 16% vum Kapital huet, de Statsminister sech an d'Broscht gehäit huet a sech dogéint gewiert huet, datt an der SES dat soll geschéie

wat d'Direktioun décidéiert huet. Wann de Statsminister oder e Member vun der Regierung dat bei 16% Participatioun an der SES mécht, dann ass et nach ëmmer eng Differenz vis-à-vis vu 94%, an dat wat bei 16% gëllt misst jo dann och bei 94% gëllen.

Dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Streik ze déclenchéiere vun enger Gewerkschaft ass ganz sécher eng schwiereg Décisioun, an déi Décisioun, déi hei geholl ginn ass, huet och näischt mat iergendwellechen nostalgesche Gefiller ze dinn, mä ass den Ausdrock vun der Suerg vun deene Leit déi do schaffen, ëm hir Zukunft an där doter Entreprise. An ech géing mer wënschen datt déi Diskussioun, déi mer haut féieren, och dozou bäidréit, datt dobausse bei der Populatioun déi Suergen, déi vun de Gewerkschaften iwwert d'Zukunft vun hirer Entreprise an de Vierdergrond geréckelt ginn, hiren Nidderschlag fannen an d'Leit mathëllefen Drock ze maache bei der Regierung, fir datt dee Konflikt do ka bäigeluecht ginn.

Ech muss dann och soen, an deene leschten Deeg, wann een d'Press suivéiert huet, ass et eng Ausso ginn, déi befriement war. D'Tatsaach, datt offensichtlech d'Eisebunnsdirektioun ee Moment probéiert hat dee Streik, dee fir de Freideg ugesot ass, als illegal ze erklären. Ech si frou ze héieren, datt d'Eisebunnsdirektioun an där doter Fro e Réckzéier gemaach huet a gesot huet, datt de Streik u sech net illegal wier. Ech denken, datt de Streik an d'Streikrecht e verfassungsrechtlecht Instrument sinn, dat Leit déi schaffen hunn, an ech denken och datt dat doten net ka mat esou Aussoen a Fro gestallt ginn.

Et ass ze bedaueren, datt déi Aussoen do gemaach gi sinn, well ganz einfach eng Rei vu Leit opgrond dovunner Angscht hunn an den Androck haten, et kënnt hinnen eppes geschéien, wa se hei am Land géinge streiken, an dat och nach an engem Betrib wou de Stat 94% Aktionär ass. Dat ass net gutt. Et wär och wichteg, datt hei nach eng Prezisioun doriwwer kënnt, ob dee Streik do legal ass oder ob en net legal ass.

A wann ech drun erënneren, datt d'Eisebunnsdirektioun domadder operéiert huet a gesot huet, datt eigentlech bei der Fro vum Streik d'Gesetz vun de Statsbeamte vu '76 misst applizéiert ginn, a wann ee pertinemment weess, datt an deem Gesetz am Exposé des motifs an am Avis vum Conseil d'Etat steet, datt dat iwwerhaapt net fir d'Eisebunner ka gëllen, a wann ee weess, datt et jo net déi éischte Kéier ass wou gestreikt gëtt op der Eisebunn, an ech ka mech net erënneren, datt beim Streik vun '82 iwwert den Index oder bei deene méi rezente Streike vun 1998, wou d'Eisebunn zweemol am Joer gestreikt huet, iergendee vun der Direktioun, vun der Demokratescher Partei oder vun enger anerer Partei gesot huet, datt dee Streik net legal wier.

Ech wier also frou wann den Transportminister och hei herno a senger Äntwert op déi Fro vun der Legalitéit vun deem dote Streik géing agoen, an, wéi gesot, ech begréissen awer, datt d'Eisebunnsdirektioun an där doter wierklech wichteger Fro, wat eng Fro vu sozialer Kohesioun hei zu Lëtzebuerg ass, e Réckzéier gemaach huet a gesot huet, datt dee Streik am Endeffekt net illegal ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, entscheedend fir d'Zukunft vun der Eisebunn ass selbstverständlech och déi Fro vun der Strategie a vum Gesamtkonzept. Ech hunn a menger Interpellatioun vum 12. Mäerz eng Rei Froen an deem doten Zesummenhank gestallt un den Transportminister, an ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, datt déi Froen deemools net beäntwert goufen, mä awer och hei nach eng Kéier drun erënneren, datt d'Responsabilitéit vun deem Strategiekonzept jo net einfach ka bei der Eisebunn leien. Mä och do denken ech, datt de Minister gefuerdert ass dofir ze suergen, datt dat Konzept op den Dësch kënnt.

D'Konzept war ugekënnegt fir d'Joer 2001. Duerno ass et zweemol verréckelt ginn an et ass dunn ugekënnegt gewiescht fir d'Fréijoer 2002. Duerno sollt et de Summer 2002 sinn, duerno sollt et den Hierscht 2002 sinn. Elo si mer geschwë Summer 2003, a vun deem Strategiekonzept héiert een op jidde Fall iwwert de Wee vun der Chamber nach näischt.

Mir vertrieden als Fraktioun grondsätzlech d'Meenung, datt d'Eisebunn weiderhin en integréierte Betrib bleiwe soll. Mir hunn dat och an der Interpellatioun iwwert de Wee vu Motiounen zum Ausdrock bruecht. Mir mengen, datt eng Finaliséierung net onbedéngt mat enger Produktiounssteigerung verbonnen ass. Dat muss keng Garantie sinn a mir vertrieden éischter d'Meenung, datt et drëm geet iwwert de Wee vu Synergië méi fäerdeg ze brénge wéi iwwert de Wee vun enger Finaliséierung, an ech wëllt do drun erënneren, datt zum Beispill d'däitsch Bundesbahn 118 eenzel Entreprisen huet an et mat esou enger héijer Zuel vun Entreprisë ganz schwéier ass Synergien…

***(Interruptions)***

Ech soe jo, et ass e schlecht Beispill. Ech zitéieren et och als schlecht Beispill, datt et mat 188 eenzelnen Entreprisë schwéier ass Synergien ze fannen, mä datt dat op deem anere Wee eng Méiglechkeet ass, déi vill méi grouss besteet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et muss een och drun erënneren, dass d'Eisebunnen u sech fréier jo privat waren. Firwat waren d'Eisebunne privat? Firwat si se a staatlech Hänn iwwergaangen? Ganz einfach, well se an hirer Eegeschaft als Privatentreprisen deene Besoinen, déi de Service public hat, net konnte gerecht ginn. Dat dierf ee bei der ganzer Diskussioun net vergiessen.

Elementer, déi selbstverständlech och nach Bestanddeel vun der Strategie vun der Eisebunn misste sinn, ass d'Tatsaach dass et noutwendeg ass, dass tëschent der Eisebunnsdirektioun an dem Stat laangfristeg Kontrakter gemaach ginn, fir de Persounentransport ofzesécheren, fir dat Material, wat an Zukunft soll kaf ginn, och kënnen ze amortiséieren.

An dann e puer Wuert zum Material, den Här Bausch huet schonn e puer Elementer dovunner hei virbruecht, an et ass jo och keen Zoufall, dass mer an enger Rei vu Froen déiselwecht Informatiounsquellen an dësem Beräich vun der Interpellatioun haten. Et gëtt e puer Dokumenter, déi weisen effektiv dass déi Wegmanns-Voiturë vun 1965 sinn, jiddereen dee se kennt weess dass se hoffnungslos veraalt sinn.

Datselwecht gëlt fir d'Moulinexen, déi vun 1974 sinn, wou sou vill Reparaturen dru musse gemaach ginn, an déi esou störufälleg sinn, dass nëmme 70% vun deem Material am Moment am Asaz ass. Datselwecht gëlt fir d'Dieselen, déi aus dem Joer 1963 sinn a wou, doduerjer dass d'Décisioun fir neit Material ze kafen ëmmer erëm eraus gestruewe ginn ass, eng Rei vu groussen a wichtege Revisiounen un deene Maschinnen net gemaach gi sinn, mat der Tatsaach an der Konklusioun, dass se enorm störufälleg sinn an dass se nëmmen zu 50% am Asaz kënne sinn.

Méi katastrophal ass et nach bei deenen elektresche Maschinnen, déi aus dem Joer 1958 sinn, an déi eigentlech aus dem Verkéiersorde sollte gezu ginn, mä déi och, doduerjer dass d'Revisiounen, déi noutwendeg waren, net gemaach gi sinn, eng enorm Reparatur…

***(Interruption)***

Ech kommen do nach drop ze schwätzen, Här Rippinger, well do drot Dir, als Demokratesch Partei, eng vun deene gréisste Responsabilitéiten.

***(Hilarité)***

Dir kënnt roueg laachen. Zu deenen elektresche Maschinnen, wéi gesot, sinn och nëmme 25% méi am Asaz, an am Wanter kann ee praktesch iwwerhaapt net méi domat fueren, well et iwwerall era reent an duerch d'Fiichtegkeet déi Maschinne praktesch ëmmer mussen am Schapp stoen.

Alles dat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, féiert natierlech dozou, dass d'Clienten op der Eisebunn net zefridde sinn, an déi Etüd vun der ILReS, déi de François Bausch virdrun zitéiert huet, aus dem Joer 1999 iwwert d'Klimatiséierung, d'Verspéidungen, de Confort an esou weider, weist dat ganz kloer. Elo muss een natierlech wëssen, dass déi Fro vum Material bestellen ëmmer ofhängeg war, Här Rippinger, vun där Fro vum BTB-Projet.

***(Hilarité)***

Dat huet den Här Bausch…

***(Hilarité)***

Neen, mä Dir kënnt…

***(Hilarité)***

Här President, den Här Rippinger ka sou vill laache wéi e wëllt, hie ka jo herno heihinner kommen a soen, wat seng Meenung dozou ass.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Loosst den Här Zanussi schwätzen.

M. Marc Zanussi *(LSAP)*.- Ech soen lech nach eng Kéier haut an hei, dass d'Décisioune fir den Akaf vum Material ëmmer ofhängeg gemaach gi si vun der Tatsaach, ob de BTB-Projet gebaut gëtt oder net.

***(Interruption)***

Ma vun der politescher Décisioun iwwert de BTB oder net.

Une voix.- Déi duebelstäckeg Zich hätt Dir kënne viru 15 Joer kafen!

M. Marc Zanussi *(LSAP)*.- Här Buergermeeschter, a wann ech dann den Här Haupert hei virdrun nach zitéieren, deen d'Aussoe vum Willy Bourg hei iwwert de BTB-Projet nach eng Kéier an de Vierdergrond gestallt huet; de Willy Bourg, wat ee Mann war dee sech ëmmer fir de BTB-Projet agesat huet. Mä ier déi doten Décisioun gefall war, war et net méiglech ze décidéieren, wat fir e Material dass mer solle kafen.

Une voix.- Fir zweestäckeg Ween ze kafen! War dat net méiglech.

M. Marc Zanussi *(LSAP)*.- Dës Regierung ass ugetrueden an huet direkt gesot, mir begruewen de Projet vum BTB, dat war ganz kloer, a vun dohier hätt dann och déi Décisioun iwwert den Akaf vun deem neie Material net eréischt an de Joren 2002 oder spéitstens 2001 geholl ginn, mä direkt an deem Moment wou déi nei Majoritéit un de Pouvoir komm ass, an der Eisebunn déi doten Direktiven hätt misse ginn. D'Tatsaach, dass d'Material ze spéit bestallt ginn ass, féiert dozou dass et och selbstverständlech méi spéit ausgeliwwert gëtt, an eréischt an de Joren 2004 oder 2005 an 2006 zum Asaz kënnt.

An dann, déi Fro vun der Kapitalerhéijung hunn ech och an enger Question parlementaire un den Här Grethen gestallt gehat. An do deelen ech d'Aschätzung vum Här Bausch, dass d'Eisebunn och muss an d'Lag versat ginn, fir all dat Material wat bestallt gëtt, an dat, wat nach zousätzlech muss bestallt ginn, och kënnen ze finanzéieren, an dat geet eiser Meenung no och nëmmen iwwert de Wee vun enger Kapitalerhéijung, an och do hoffen ech, dass dat, wat den Här Bausch den Transportminister gefrot huet, elo vun him hei op der Tribün och gesot gëtt.

An dann déi Fro vum Modal split, vun deene 25%, ass ënnert deenen aktuelle Viraussetzungen absolut net ze erreechen, do mussen eng Rei vun zousätzlechen Efforten nach gemaach ginn.

Wat kann een dann elo schlussendlech maache bis dat Material do ass, fir de Problem op der Eisebunn an d'Situatioun op der Eisebunn ze verbesseren? Et bien, et muss een zousätzlech Personal astellen, fir déi Revisioune bei deem Material, wat elo nun emol nach virhanden ass a wat nach ze retten ass, ze maachen. An zweetens misst d'Eisebunn fir dat Material, wat feelt, zousätzlech Material lounen, bis zu deem Moment wou neit Material zur Verfügung steet. Wann een d'Ugebuet fir d'Clientë wëllt oprecht erhalen, an och nëmme liicht wëllt verbesseren, ass dat doten eng absolut Viraussetzung.

Dann zur där Fro vun den Atelieren, déi ech virdru schonn ugeschwat hunn. Wa vun der Eisebunn ëmmer verlaangt gëtt, dass et e performante Betrib soll sinn, dass se anstänneg solle schaffen, da muss een hinnen och anstännegt Geschir ginn. An ech weess net, ob Dir d'Ateliere vun der Eisebunn kennt, mä si entspriechen deem, wat den Här Bausch virdru gesot huet, si sinn net méi op deem leschten technesche Stand a si erlaben eigentlech och keen effikasst an och kee rationellt an anstännegt schaffen, dofir muss onbedéngt dee Centre de maintenance erneiert ginn.

An effektiv, déi Diskussiounen iwwert dee Centre de maintenance lafe scho während enger Rei vu Joren. An deenen Äntwerten op Question-parlementairen, déi ech gestallt hunn, geet dann dorauser ervir, dass déi éischt Etapp vum Centre de maintenance 2005 an déi zweet Etapp 2008 soll fäerdeg gestallt ginn. A wa meng Informatioune richteg sinn - an dat dierft jo och vläicht keen Zoufall sinn -, gëtt mar oder iwwermar eng nei Maquette vun deem Centre de maintenance virgestallt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu den Infrastrukturprojeten hunn ech aganks gesot, dass ech do haut op dëser Plaz net méi vill wëll dozou soen. Ech wëll just drun erënneren, dass mir als Fraktioun awer grondsätzlech bei der Konzeptioun vum deem Projet Mobilitéit.lu Schwieregkeeten hunn. Mir gleewen net, dass dee Projet Mobilitéit.lu funktionéiert, aus deenen Ursaachen, déi mer an der leschter Interpellatioun opgefouert hunn. D'Leit bis virun d'Stad bréngen an da mam Bus an d'Stad féieren, funktionéiert eiser Meenung no net.

Mir stellen awer och fest, dass eng Rei vun Infrastrukturprojeten am Zesummenhang mam Schinnebau op den Instanzewee bruecht gi sinn, mir kréie jo hei an der Chamber ganz sécher d'Geleeënheet déi dote Projeten ze kommentéieren, zum Beispill ënnert anerem dee vum Kierchbierg. An do wëll ech awer och an deem doten Zesummenhang direkt den Avis vum Conseil économique et social zitéieren, deen awer och an deem Zesummenhang mat deem dote Projet ganz kloer an däitlech gesot huet, dass déi Investissementer, déi do musse gemaach ginn, sech eigentlech nëmme rentéieren, wann och e Schinnegebonnenenuschloss an den Zentrum vun der Stad garantéiert ass, a mir kommen do nach eng Kéier drop zréck.

Dann iwwert déi Fro vun de Broochen. Doriwwer hu mer och schonn hei geschwat gehat, a mir hunn eis als Fraktioun kloer an däitlech dofir ausgeschwat, dass am Fall vun de Broochen, am Fall vun deem Südbahnhof, deen do ageriicht soll ginn, d'Chance soll profitéiert ginn, fir wierklech deem dote Projet e Modellcharakter ze ginn, fir dem öffentlechen Transport eng eescht Prioritéit ze ginn. An och déi Fro vum Train-Tram, menge mer, dass dat entscheedend ass fir de Fonctionnement vun deem dote Konzept. Ech deelen awer net d'Aschätzung vum Här Haupert, dass d'Gare vun der Stad Esch kéint ausgeklamert ginn, ech denken dass alleguerten déi Verbindunge missten iwwert d'Gare vun der Stad Esch fueren, ansonsten do eng Persécutioun geschitt, déi net ze vertrieden ass.

Mä, zu dem Fall vun de Broochen, mengen ech nach eng Kéier kloer an däitlech, dass mir als Fraktioun och dofir sinn, dass do een Train-Tram ageriicht gëtt, an d'Ausso vum Transportminister doriwwer erwaarde mir och mat grousser Spannung.

Et muss een awer soen, dass wann een eng Strategie huet, ee selbstverständlech all Projete matenee ka maachen, a wann een dat wëllt maache brauch ee ganz vill Personal, et brauch ee vill Techniker, vill Ingenieuren déi doranner schaffen. Mä wann een an der Praxis an net nëmmen an der Theorie wëllt viru kommen, da muss een och ganz kloer Prioritéiten hunn.

A mir hunn an der Motioun bei dem Débat vum 12. Mäerz ganz kloer gesot, dass eis Prioritéit doranner läit, dass prioritär d'Neibaustreck Beetebuerg-Lëtzebuerg soll realiséiert ginn, an duerno d'Gare vun der Stad Lëtzebuerg moderniséiert muss ginn an deene Bedierfnisser ugepasst ginn, déi eng absolut Noutwendegkeet sinn.

E weidert Element vun enger Strategie, an deenen Zäite wou mer haut liewen, ass natierlech eng offensiv Approche vis-à-vis vun deene Libéraliséierungsbestriewungen, déi an der Vergaangenheet an och an der Zukunft op d'Lëtzebuerger Land an op d'Eisebunn duerkommen; dat zu dësem Zäitpunkt besonnesch am Giddertransport. Säit dem Mäerz 2003 si jo déi éischt 50.000 Kilometer liberaliséiert, a bis 2008 sollen déi reschtlech 100.000 Kilometer dobäi kommen.

Mir hunn an den 90er Joren hei am Parlament, mengen ech, och mat der Eestëmmegkeet vun allen Deputéierten, Eisebunnsreformen duerchgefouert, déi d'Basis duergestallt hu fir där Liberaliséierung offensiv entgéint ze wierken, mir hunn d'Eisebunn an eng Aktiegesellschaft vum öffentleche Recht ëmgewandelt, mir hunn d'Infrastruktur…

***(Interruption)***

…vum Betrib kontablilitéitsméisseg getrennt, an dat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ouni Sozialkonflikt. Et ass gelongen déi dote Reformen ze maachen, an engem echten Dialog mat de Gewerkschaften, ouni dass e Sozialkonflikt hei zustane komm ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Giddertransport ka selbstverständlech nëmme ganz schwiereg a Konkurrenz triede mam Stroossentransport. Mir haten och eng Kéier viru Joren eng Diskussioun hei iwwert d'Wäissbuch vum Här Kinnock, iwwert d'extern Käschten, déi bei der Eisebunn ufalen an déi sech beim Stroossentransport iwwert de Beräich vun der Ëmweltbelaaschtung an den Accidenter net nidderschloen, a vun dohier ass et eigentlech eng Concurrence déloyale wann een d'Eisebunn esou mam Stroossegiddertransport a Konkurrenz setzt.

D'Tatsaach beweist och, dass de Giddertransport op der Eisebunn am Laf vun deene leschte Joren op 8% vum ganzen Eisebunnstrafic geschrumpft ass. Mëtt vun den

80er Jore waren et ëmmerhin nach 20%. An op der Strooss ass et selbstverständlech duerch déi privilégiéiert Situatioun, déi d'Entreprisen do virfannen, eng Tatsaach, dass 44% vum gesamten Trafic, deen op de Stroosse fiert, Giddertrafic ass, mat alle Konsequenzen déi mer dovunner kennen.

Bei deem leschte Liberaliséierungspaquet, deen och virdrun ugeschwat ginn ass, hunn effektiv d'Fransousen, d'Belsch an och de Lëtzebuerger Transportminister sech dergéint ausgeschwat - wat u sech richteg war -, mam Argument dass d'Öffnung vum Marché eigentlech net an deem dote Mooss brauch beschleunegt ze ginn. An interessant war, dass d'Kommissioun jo dru festgehalen huet, dass bis zum Joer 2007 ee Rapport iwwert d'Konsequenze vun där bis dohinner existéierender Liberaliséierung soll virgedroe ginn, a mir waarden alleguerte wat do als Konklusiounen aus deem Rapport erauskënnt.

Awer, trotzdeem dass mer als Land géint déi dote Liberaliséierungsbestriewunge gestëmmt hunn, si mer domadder konfrontéiert, dass déi Liberaliséierung do op d'Eisebunn duerkënnt an et geet drëm d'Eisebunn weider dorobber virzebereeden. A mir hunn den Androck, wéi wann d'Eisebunn op déi dote Liberaliséierungswell eigentlech net gutt virbereet ass, an ech wëll do eng Rei vu Beispiller zitéieren.

Déi Fro vun de Règlements grand-ducaux ass virdru schonn ugeschwat ginn. Effektiv gëtt et eng ganz Rei vu wichtege Règlements grand-ducaux iwwert d'Fro, wien an Zukunft hei zu Lëtzebuerg Eisebunn däerf bedreiwen, wat fir eng Konditiounen dass ee muss erfëlle fir eng Lizenz ze kréien. An den Transportminister ass jo och ee vun deenen, dee sech am Beräich vun den Entreprisen, wat de Stroossentransport ubelaangt, ëmmer dogéint ausgeschwat huet, dass mer een zweete virtuellen Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg kreéieren.

Dat, wat bei den Transportentreprisen op der Strooss gëlteg war, ass an dësem Fall och hei richteg. Do muss iwwert de Wee vun deene Règlements grand-ducaux opgepasst ginn, datt dat doten eis net nach eng Kéier geschitt.

Et stellt sech och d'Fro, wann Entreprisen, déi Eisebunn bedreiwen, sech hei zu Lëtzebuerg wëllen etabléieren, no wat fir enge Konditiounen dass se sech etabléieren, wat fir eng Gesetzer dass se mussen am Zesummenhang mat de Personalkäschte respektéieren. Et gëtt kee Kollektivvertrag an deem dote Beräich, wéi et e beim Stroossentransport gëtt. D'Fro muss ee sech stellen inwiefern dass d'Gesetz vun 1920 iwwert d'Eisebunnswiesen - wou dra steet, dass all Entreprise déi sech hei nidderléisst d'Personal nom Eisebunnsstatut muss bezuelen - nach Gëltegkeet huet. Alles dat si wichteg Froen, déi an deem dote Règlement grand-ducal musse gekläert ginn.

En anere Règlement grand-ducal betrëfft selbstverständlech déi Fro vun de Certificats de sécurité, an do denken ech, dass de Punkt vun der Sécherheet och e ganz entscheedenden ass. Et kann een den Androck hunn, dass wann Entreprisë privatiséiert sinn, dat doten net zu hirer absolut éischter Prioritéit gehéiert, an ech erënneren lech drun dass bei der Diskussioun iwwert déi lescht Accidenter, déi schwéier Accidenter déi mer op der Eisebunn haten, vu Verwaltungssäit aus, vun der Directiounssäit an och vum Minister aus gesot ginn ass, dass d'Sécherheet absolut Prioritéit huet. An ech wollt an dësem Zesummenhang och froen, wéi wäit dass et mat deenen neien ETCS oder anere Sécherheetssystemer ass, déi op der Eisebunn sollen agesat ginn, fir Accidenter kënne wierksam ze verhënneren.

Da stellt een awer och fest, dass wann een iwwer Privatiséierung schwätzt an déi Fro vun der Sécherheet uräisst an et weess een, dass jo am Moment deeglech Zich vu Privatentreprisen och iwwert de Lëtzebuerger Réseau fueren - d'ELC, fir se net ze nennen - an een all Kéiers direkt mierkt, dass wann d'Visiteuren d'Bremse vun deene Wagone kontrolléieren, direkt Schwieregkeete mat de Bremssystemer sinn, mat de Bremsbäck, an aneres méi, wann dat sollen d'Konsequenze sinn, da mengen ech dass een déi Fro vun der Sécherheet absolut prioritär muss behandelen an dorobber ganz gutt uecht ginn.

En anere Règlement grand-ducal dee wichteg ass, ass deen iwwert d'Aptitude fir d'Personal. An e wichtege Règlement grand-ducal ass och nach deen iwwert de Contrôle périodique vum Material selwer, deen och virdru vum Här Bausch ugeschnidde ginn ass. An deen iwwert d'Tarificatioun, an dee vun de Redevancë fir d'Utlisatioun vum ganze Réseau.

An déi Reglementer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, si vun dohier ganz wichteg, well se kënne kee ganz groussen, mä en Afloss op d'Konkurrenzsituatioun vun der Eisebunn vis-à-vis vun aneren Entreprisen hunn, déi sech an Zukunft hei am Land nidderloossen.

An duerfir mengen ech, dass een ënnert deem doten Aspekt déi Reglementer do muss gesinn a se och deementspriechend muss konzipéieren. Well de Giddertransport ass fir d'Eisebunn selbstverständlech e Beräich dee ganz wichteg ass, net nëmmen deen internationalen, mä och deen internen.

An ech wëll just drun erënneren, wann effektiv d'Eisebunn géing higoen, fir zum Beispill den Transport vun der Intermoselle net méi ze kréien an et misst ee sech virstellen, dass déi Tonnen an Tonnen, déi d'Intermoselle brauch, mat Camionë missten duerch de Kayldall gefouert ginn, da kéint Der lech jo virstelle wat fir eng néfaste Konsequenzen dat op d'Liewensqualitéit vun deene Leit hätt, déi an där doter Géigend wunnen. Duerfir mengen ech, dass dat eng absolut Noutwendegkeet ass.

E weidere Punkt ass deen, dass d'Gesetz vun 1999 iwwert den Accès op de Lëtzebuerger Eisebunnsmarché muss an enger ganzer Rei vu Beräicher reforméiert ginn.

Éischtens am Beräich vun de Kontrollmechanismen, zweetens am Beräich vun deem Organ deen d'Tarificatioun mécht, an drëttens am Beräich, dass d'Eisebunn en Document de référence muss iwwert dee Réseau erstellen, si muss deen Document de référence publizéieren, mat de Charakteristike vun der Infrastruktur an de Konditioune vum Accès.

Dat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass fir eis en Zeechen dofir, dass d'Eisebunn net optimal op déi Liberaliséierungswell do virbereet ass, a mir géingen eis wënschen, wéi den Här Bausch och virdru gesot huet, zum Stand vun deene Règlements grand-ducaux herno e puer Ausféierunge vum Transportminister ze kréien.

Eppes wat selbstverständlech och zu engem Konzept vun der Eisebunn gehéiert ass dat vun deenen Accessoiren déi d'Eisebunn brauch, fir eng performant Entreprise ze bleiwen a fir zousätzlech Clienten ze kréien. Dee Modal split vu 25/75 schwieft jo jidderengem nach am Kapp. A Froen a Moossnamen, wéi Mobilitéitszentral, wéi de Verkéiersverbond, sinn absolut Noutwendegkeeten, déi och d'Eisebunn brauch, fir dat Instrument ze ginn, firwat dass d'Leit et hei am Land brauchen. An dorfir si jo och d'Mobilitéitszentralen, wéi och de Verkéiersverbond, Engagementer déi dës Regierung agaangen ass, wou se hei ugetrueden ass, an och do wär ech frou vum Transportminister ze héieren, wat den aktuelle Stand vun deenen dote Projeten ass.

Schlussfolgernd stelle mer fest, dass am Avis vum Conseil économique et social, deen elo kierzlech erauskomm ass, der Regierung zwar certifiéiert gëtt, dass se eng Rei vun Effortë mécht, mä dass awer e Gesamtkonzept fir den öffentlechen Transport insgesamt feelt; eng Feststellung déi mir deelen.

Bis elo huet een, ausser Ukënnegungen, an der Praxis net vill gesinn a mir géingen eis wënschen, dass fir dat wat ugekënnegt ass och déi noutwendeg Viraussetzunge geschafe kënne ginn, dass et ëmgesat gëtt.

Leschte Punkt ass deen, dass mer, wat de Konflikt op der Eisebunn ubelaangt, nach eng Kéier d'Meenung vertrieden, dass hei d'Responsabilitéit vum Transportminister an der ganzer Regierung gefrot ass, a mer eis géinge wënschen, dass se sech an dësem Fall zu engem Agréff entscheede kënnen deen och duerfir suergt, dass dee Konflikt relativ séier bäigeluecht ass.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Zanussi. Als nächste Riedner ass den Här John Schummer agedroen. Här Schummer, Dir hutt d'Wuert.

M. John Schummer *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Bausch werft a senger Demande d'interpellation eng Rei Froen op, déi ech, wann Dir erlaabt, folgendermoossen traitéiere wëll. Den Interpellant werft als éischte Punkt Froen op wat déi aktuell Eisebunnsinfrastrukturen an och wat d'Rullmaterial betrëfft.

Ech géing déi zwou éischt Froe gäre mat där leschter Fro behandele vun där Demande d'interpellation, déi vun der praktescher Ëmsetzung vun der Strategie Mobilitéit.lu handelt. An da géing ech op d'Strategien a puncto Investissements ferroviaires ze schwätze kommen, fir da mat der Strategie vun der CFL op nationalem an op europäeschem Niveau ofzeschléissen.

Komme mer also zu den Eisebunnsinfrastrukturen, dem Rullmaterial an der Strategie Mobilitéit.lu. Wéi Der onschwéier erkenne konnt, huet den Henri Grethen, als Wirtschafts- an Transportminster, an deene leschten zwielef Méint eng Rei vu Projeten hei an der Chamber déposéiert, déi d'Gesetz vum 10. Mee 1995 iwwert d'Gestioun vun den Eisebunnsinfrastrukturen amendéiere sollen. Ech denken do zum Beispill un d'Projet-de-loien déi den 18. Abrëll 2002 an den 8. Oktober 2002 hei an der Chamber déposéiert gi sinn.

Wat de Projet de loi vum 18. Abrëll 2002 ubelaangt, sou bëinhalt deen net nëmmen eng Rei Korrekturen zu de Projets d'investissement, déi am Juli 2000 gestëmmt goufen, mä e gesäit schonn eng éischt Mesure vir wat d'Strategie Mobilitéit.lu ubelaangt, déi den Transportminister jo de 24. Januar 2002 virgestallt huet.

D'Gesetz vum Juli 2000 hat virgesinn, de Viaduc Polvermillen op dräi Gleiser auszebauen. Elo, am Hibléck op déi nei Eisebunnsverbindung op de Kierchbierg iwwert de Findel, ass mat deem Projet de loi vum 18. Abrëll 2002 virgesinn, an d'Plaz en zweete Viaduc parallell zum éischten ze bauen, deen dann och zweegleiseg soll sinn.

Den 8. Oktober 2002 ass e weidere Projet de loi an der Chamber déposéiert ginn, fir d'Gesetz vum 10. Mee 1995 ze amendéieren. Déi Dispositioune sinn eng logesch Suite vun der Strategie Mobilitéit.lu.

Mat der Strategie Mobilitéit.lu huet den Transportminister sech als Objektiv gi bis d'Joer 2020 e Modal split vu 25% am öffentlechen Transport ze erreechen.

D'Dispositiounen, déi am Projet de loi, deen den 8. Oktober 2002 déposéiert ginn ass, enthale sinn, gesinn zum Beispill den integralen Ausbau op zwee Gleiser vun der bestoender Eisebunnslinn Péiteng-Lëtzebuerg vir. Mat där Mesure soll de Module P vun der Strategie Mobilitéit.lu realiséiert ginn, wouduerch déi regional Zuchréseaue vun eise belschen an eise franséischen Nopere besser un dee Lëtzebuerger Réseau ugeschloss ginn. Den Ausbau op zwee Gleiser erlaabt et den Zäitofstand zwëschent deene verschiddenen Zich ze verréngeren, wat natierlech e grousse Capacitéits- an och e grousse Qualitéitsgewënn duerstellt, wouduerch d'Beruffspendler ausserdeem motivéiert solle gi fir op den Zuch ëmzesteigen.

Mat deemselwechte Projet de loi soll och de sougenannte Module K2 vun der Strategie Mobilitéit.lu realiséiert ginn. Dee Projet ass och am Kontext vun der Eisebunnsverbindung op de Kierchbierg iwwert de Findel ze gesinn. D'Linn zwëschent Hamm, also der Polvermillen, a Sandweiler soll op zwee Gleiser ausgebaut ginn.

Däerf ech op dëser Plaz drun erënneren, dass den Transportminister de Projet de loi 5098 de leschten 11. Februar hei an der Chamber déposéiert huet, deen och d'Gesetz vum 10. Mee 1995 iwwert d'Gestioun vun den Eisebunnsinfrastrukturen amendéiere soll. Konkret ass an deem Projet de loi d'Realisatioun vun der Eisebunnsverbindung op de Kierchbierg an iwwert de Findel virgesinn.

Vun 2006/2007 u wäert et da méiglech si mam Tram vun der Gare Lëtzebuerg, esou wéi vun Dummeldeng aus op de Kierchbierg ze fueren. Ech mengen, dat misst dem Här Bausch och eng Äntwert ginn op seng Fro, wou d'Strategie Mobilitéit.lu praktesch ëmgesat soll ginn.

Däerf ech och drun erënneren, dass dat, wat an der Strategie Mobilitéit.lu envisagéiert gëtt, e kohärente Bestanddeel vum Plan sectoriel transports ass. De Plan sectoriel transports baut op den IVL, integratives Verkehrs- und Landesentwicklungskonzept op, un deem amgaang ass geschafft ze ginn.

Déi verschidde Projets de loi, déi elo dat Gesetz vun 1995 iwwert d'Gestioun vun den Eisebunnsinfrastrukturen ëmännere sollen, gesi jo genau esou wéi och d'Gesetz vum 24. Juli 2000 Projetë vir, fir d'Maintenance vun der Eisebunnsinfrastruktur ze garantéieren a gläichzäiteg d'Sécherheet an d'Qualitéit vum Eisebunnsréseau ze verbesseren. Ausserdeem dokumentéiere se de Wëlle vum Transportminister, konsequent d'Eisebunnsnetz un déi nei Besoins de mobilité vun enger séier wuessender Bevölkerung unzepassen.

Mä et geet natierlech net eenzeg an eleng duer, d'Eisebunnsinfrastrukturen astand ze halen an auszebauen, datselwecht gëllt och fir d'Rullmaterial, also d'Lokomotiven an d'Wagonen.

Et ass eng Tatsaach, dass déi al Atelieren, déi fir d'Maintenance vum Rullmaterial zoustänneg sinn, vétuste sinn. Effektiv ass et esou, dass déi aktuell Atelieren nom Zweete Weltkrich gebaut gi sinn an net méi den techneschen Ufuerderunge vu modernem Material entspriechen. Déi Ateliere ware fir d'Maintenance vun Damplokomotive virgesinn. Et schéngt kloer, dass et sech deemno opgedrängt huet en neie Centre de maintenance virzegesinn, well eng Adaptatioun ze opwenneg gewiescht wär an deemno ekonomesch net justifiabel.

De Minister Henri Grethen huet op déi Situatioun schonn am Joer 1999 reagéiert, andeem hien der CFL den Optrag ginn huet, esou schnell wéi méiglech e Projet vun engem neie Centre de maintenance auszeschaffen, deen um Site Dernier Sol zu Bouneweg gebaut soll ginn. Vu que dass dee Projet zesumme vun der CFL an dem Fonds du rail finanzéiert soll ginn, huet den Transportminister déi staatlech Finanzementer an dee Projet de loi ageschriwwen, dee spéider d'Gesetz vum 24. Juli 2000 ginn ass. No enger Réorientatioun vum techneschen Deel vun deem Projet duerch d'CFL, déi eng substanziell Incidence op d'Enveloppe budgetaire huet, ass an deem Projet de loi, deen den 8. Oktober 2002 hei an der Chamber déposéiert ginn ass, eng Adaptatioun an dësem Sënn och virgeholl ginn.

Fir de Moment ginn déi technesch Etüden, wat dee Projet ubelaangt, duerchgefouert an d'Kommodo-Inkommodo-Prozedure sinn ugelaf an um Instanzewee. Et gëtt sech erwaart, dass deen éischten Deel vun deenen Installatioune vun 2005 un a Betrib geholl ka ginn, an den zweeten Deel dann 2008.

D'Maintenance vum Rullmaterial gëtt mer dann och d'Stéchwuert fir op d'Acquisitioun vun deem Material ze schwätzen ze kommen. Bis 2004 ass jo virgesi 57 sougenannte Wegmann-Wagonen ze ersetzen, déi 36 respektiv 38 Joer al sinn. Et ass och virgesinn déi elektresch Zuchmaschinnen, déi 28 respektiv 32 Joer al sinn - dat ass schonn alles gesot ginn - ze ersetzen.

Dat Material gëtt d'Méiglechkeet am Moment vu 6.682 Sëtzplazen, a wann Der den Alter dovunner héiert, kënnt Der lech virstellen, dass et effektiv héich Zäit gëtt dat ze ersetzen an duerch zousätzlecht Material, ënner anerem Train-tram ze ergänzen.

De Minister Henri Grethen huet och d'CFL gefrot, si sollen him eng kohärent Strategie fir den Transport iwwert d'Schinn zu Lëtzebuerg virleeën, wat déi mëttel- a laangfristeg Usprécher un d'Capacitéiten um Niveau vun den Infrastrukturen an dem Rullmaterial ubelaangt. Den Henri Grethen huet d'CFL verantwortlech drop higewisen, dass hire contractuellen Optrag a puncto Organisatioun vum öffentleche Schinnentransport hei am Land och d'Verpflichtung bëinhalt, fir méi zäitgeméisst Material ze suergen, dat der Capacitéit an de Komfortsprëch vu senger séier wuessender Clientèle gerecht gëtt.

Déi Initiativen, déi den Transportminister mat den CFL gläichzäiteg geholl hunn zu der Entwécklung vun där Strategie, hunn et erlaabt, d'Besoinen a puncto Rullmaterial ze definéieren, an dat am Hibléck ëmmer erëm op d'Strategie Mobilitéit.lu.

D'CFL huet och déi néideg Démarchen ënnerholl fir dat aalt Rullmaterial auszetauschen an en neie Fuhrpark ze erstellen, deen eng Capacitéit vun 22.636 Plazen duerstellt, wat Investissementer an der Héicht vun 386 Milliounen Euro entsprécht. An deem Budget sinn awer d'Lokomotiven net derbäi, déi kommen nach zousätzlech.

Zwielef elektresch Automotricë si bestallt ginn, déi zwëschent 2004 an 2006 wäerte geliwwert ginn. Weiderhi si 85 Duebelstackwagonen bestallt, wou déi éischt ab November 2004 geliwwert ginn. 15 sougenannt RIC-Wagone si bestallt ginn, genau esou wéi 40 Wagone fir den Train-Tram-Betrib, déi zwëschent 2005 an 2009 geliwwert solle ginn.

A wat d'Lokomotiven ubelaangt, esou sinn der 20 bestallt ginn, déi fir de Persounentransport sollen agesat ginn. Déi sollen zwëschent 2004 an 2005 disponibel sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de leschte Punkt, deen den Interpellant ugeschwat huet, ass dee vun der Strategie vun den CFL.

Et schéngt kloer, dass Termë wéi Sécherheet, Confort, Service, Pünktlechkeet keng eidel Wierder däerfe bleiwen. Dat wat elo am Kader vun der Strategie Mobilitéit.lu virgesinn ass, déi Infrastrukturprojeten, déi ech elo ugeschnidden hunn, genau esou wéi déi Acquisitioune vun neiem Rullmaterial, dat beweist ganz kloer d'Bestriewunge vum Transportminister fir deenen Ufuerderungen och gerecht ze ginn.

Wat den europäesche Kontext ubelaangt, wëll ech Folgendes bemierken: Et ass wichteg fir Lëtzebuerg un déi grouss Réseaux transeuropéens unzeschléissen. Den 18. Abrëll 2002 huet dann och den Henri Grethen e Projet de loi iwwert den Uschloss vu Lëtzebuerg un den TGV-Est hei an der Chamber déposéiert. De viraussiichtleche Käschtepunkt vun der Lëtzebuerger Bedeelegung - well dat geet jo net ouni Fräen - um TGV-Est, no Aktualisatioun, wäert bei iwwer 120 Milliounen Euro leien. Ausserdeem begréisst d'DP-Fraktioun et, dass den Transportminister esou schnell intervenéiert ass bei sengem franséischen Homolog Gilles de Robien, wéi bekannt ginn ass, dass d'Realisatioun vun der zweeter Phas vum TGV-Est européen, déi ebe just Lëtzebuerg concernéiert, a Fro gestallt wier duerch de Rapport d'audit vum Conseil général des Ponts et Chaussées an der Inspection générale des Finances. Den Transportminister huet a sengem Schreiwes op d'Anhalen an de Respekt vum Accord vum 28. Januar 2002 ganz kloer higewisen.

Ausserdeem soll ee jo och wëssen, dass duerch den TGV-Est européen d'Verbindunge vu Lëtzebuerg op Stroossbuerg nach verbessert gi sollen an dass Lëtzebuerg jo mat senge belschen Noperen och eens schéngt ze sinn, fir dass déi onsäglech Streck Lëtzebuerg-Bréissel soll verbessert ginn.

D'Zil ass et jo eng qualitéitsorientéiert Eisebunnsverbindung zwëschent deenen dräi europäeschen Haaptstied, Stroossbuerg, Lëtzebuerg a Bréissel, ze garantéieren. Et ass dat schonn eng laang Fuerderung vun deenen diversen europäeschen Institutiounen, an et ass och d'Responsabilitéit vun den Autoritéite vun deenen dräi Länner, an deenen déi Stied leien, fir eng Eisebunnsverbindung zwëschent deene Stied ze garantéieren, déi der Importenz, déi déi Stied an der Europäescher Unioun anhuelen, och gerecht gëtt.

Wann ech da vun Europa schwätzen, da kommen ech och net derlaanscht nach e puer Wuert iwwert d'Libéralisatioun vum Zuchverkéier am Beräich vum Wueren- a vum Persounentransport ze verléieren. Et ass allerdéngs gewosst, dass d'Parts de marché vum Eisebunnstransport fale par rapport zum Stroossentransport an dass haut den Iwwerleeunge vum der europäescher Kommissioun an enger Majoritéit vu Mitgliedstaten no d'Libéralisatioun dozou ugedoen ass, deen Trend ze contrecarréieren, wat awer nach laang net bewisen ass.

Lëtzebuerg huet mat der Belsch a mat Frankräich heibäi eng aner Meenung, nämlech dass d'Maartkonditioune fir d'éischt mussen harmoniséiert ginn, ier de Maart ka liberaliséiert ginn. Awer nach kierzlech am Transportconseil vum leschte Mäerz goufen déi dräi iwerstëmmt.

Wann et also inévitabel ass sech deenen neie Gegebenheeten unzepassen, dann ass et awer och genau esou wichteg, dass d'Aarbechtskonditiounen, déi duerch déi Imperativen entstinn, ugepasst ginn am Respekt an am Intérêt vun alle Bedeelegten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen ech konnt hei duerstellen, dass, säit de Minister Henri Grethen an deem Ministère ass, sech wierklech eppes deet a puncto Politique ferroviaire. Et gëtt no engem klore Konzept verfuer, dat op enger klorer Visioun, der Strategie Mobilitéit.lu an op klore Parameteren, dem IVL an dem Plan sectoriel transport berout. An et besteet de politesche Wëllen, dee fermë politesche Wëllen, eescht ze maache mat der Ëmsetzung vun deene politeschen Objektiver, fir déi steeteg Dépôts de lois, déi ech elo alleguerten opgezielt hu vum Minister, dat regelméisseg all puer Méint hei an der Chamber weisen.

Meng Fraktioun an ech selwer sinn dovun iwwerzeegt, dass d'Regierung a speziell den Transportminister op deem richtege Gleis fueren, fir deenen Erausfuerderungen, déi sech am öffentlechen Transport an am speziellen um Niveau vun der Eisebunn stellen, gerecht ze ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Schummer. Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Här Greisen, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Greisen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den öffentleche Wueren- a Persouneschinneverkéier muss a wäert och an Zukunft eng gréisser Roll spillen. Well mer och an Zukunft net op individuell Mobilitéit verzichte kënnen a wëllen, musse mer d'Stäerkte vun deenen eenzelne Verkéierssystemer ausbauen an hir Schwächte beseitegen. De Verkéier vum 21. Jorhonnert muss vu Systemer, déi sech konkurrenzéieren, ëmschwenken op Gesamtléisunge mat Synergien an alle Beräicher. D'Stéchwuert Développement durable oder nohalteg Mobilitéit muss och hei gëllen.

Am Géigesaz zum Interpellant an zum sozialistesche Spriecher hei, sinn ech net Gewerkschaftler bei der Eisebunn, mä Benotzer, privat a berufflech. Meng Suerg ass et, dass gewerkschaftlech partikular Interessen de Betrib vu kollektive Verkéierssystemer an esou rigid an deier Forme pressen, dass e sech selwer erwiergt. D'Politiker hunn et bis elo net fäerdeg bruecht eis CFL an d'Lag ze versetzen, hir eege Problemer an de Gréff ze kréien. Eis Eisebunn mat 3.144 Leit Personal, an 3.908 Pensionären am Joer 2002, laut Transportministère, ass hoffnungslos hannendran. Jorelaang ass näischt investéiert ginn, ausser an Etüden. De Wuerentransport ass réckleefeg, minus 10% an de leschten zwee Joer. D'Gewerkschafte wëlle streiken an domat de Rescht vu Passagéier vergraulen. Engersäits iwwerbesat, maachen op där anerer Säit Leit deier Iwwerstonnen, ass hei gesot ginn. Mat der Opzielung vun alle Problemer aus de leschte 50 Joer huet den Interpellant hei um Pult bewise wéi schlecht eppes fonctionnéiere kann, wann et esou vum Stat an de Gewerkschafte jorelaang gefouert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Interpellatioun gëtt mer d'Geleeënheet de Standpunkt vum ADR zur Transportpolitik nach eng Kéier an Erënnerung ze ruffen.

1. Den ADR trëtt a fir eng Verbesserung vun den Infrastrukture fir den individuelle Verkéier, duerch den Ausbau an d'Moderniséirung vun eisem Stroossennetz.

2. Den ADR trëtt awer och a fir eng geziilte Förderung vum öffentleche Verkéier duerch d'Aféiere vun engem attraktiven a flexibelen Transportsystem. Bei all dëse Geleeënheeten an der Vergaangenheet hunn ech ëmmer erëm versicht e puer wichteg Viraussetzungen ze nennen, déi erfëllt musse ginn, ier den ADR säin Accord zu engem öffentlechen Transportsystem ka ginn.

Ech wëll se nach eng Kéier nennen, fir dës besonnesch wichteg Konditiounen ervirzehiewen.

1. Et dréit sech drëm en ëmweltfrëndlechen a flexible System ze fannen, deen an der Lag ass eng ëmmer méi grouss Zuel vu Passagéier a Wueren ze transportéieren.

2. D'Exploitatioun vun esou engem Verkéierssystem oder Verkéiersbetrib muss no privatwirtschaftleche Kritäre fonctionnéieren.

3. Wichteg ass fir den ADR, d'Garantie fir en anstännege Service public. Eng wëll Privatiséierung à la Thatcher wëlle mir net. Sécherheet a sozial Iwwergangsbestëmmunge sinn ze garantéieren. D'Ëmklamme vum Auto op d'Bunn géing méi liicht ginn, wann d'Steiersuen dozou genotzt géifen dës eppes méi ëmweltverträglech Verkéiersmëttel méi attraktiv a méi bëlleg ze maachen.

Den ADR huet zum Beispill scho laang gefuerdert, den öffentlechen Transport gratis ze fueren. Mä kloer ass et, d'Leit gebrauchen den öffentlechen Transport nëmmen da wann e besser a bequemer fonctionnéiert wéi de Privatauto.

Dir Dammen an Dir Hären, de Schinnentransport méi attraktiv ze maachen heescht awer net nëmmen d'Eisebunnsgesellschaft méi staark maachen. D'Prioritéit huet d'Fro wat fir eng Struktur déi beschte Chancë bitt, méi Persounen a Gidder op d'Schinn ze kréien. Et geet drëm Bedingungen ze schafen, fir eng diskriminatiounsfräi Konkurrenz a fir Onofhängegkeet um Schinnennetz.

Nom Gesetz vun 1995 wat d'Trennung vun Netz a Bedreiwer fir d'éischt agefouert huet, huet d'Regierung mat engem neie Gesetz 1999 opgrond vun enger europäescher Direktiv d'Benotzung vun der Infrastruktur opgemaach. Mä d'Ausféierungsbestëmmunge feelen nach ëmmer. Si sinn awer noutwendeg Reglementer, déi d'Viraussetzung si fir en effikasse Betrib. Dëst ass schonn hei genannt ginn. Ech brauch net méi an den Detail anzegoen. Domat gëtt awer däitlech, dass déi heiteg a vergaange Regierungen hir Aufgab um Gebitt vun der Gestioun vun der Eisebunn net erleedegt hunn.

Wat d'Infrastrukturen ubelaangt, esou huet d'Gesetz vum 24. Juli 2000 iwwert d'Gestioun vun der Eisebunnsinfrastruktur eng Ännerung bruecht mat Autorisatioun fir 14 gréisser Investprojeten. An och hei feelen Ausféierungsbestëmmungen nach ëmmer, wat och schonn hei gesot ginn ass.

Wat déi noutwendeg Investitiounen ubelaangt, esou besti mëttlerweil säit Abrëll an Oktober schonn zwee Ännerungsvirschléi mat neie Käschtenopstellunge fir Tracéen an Equipementer.

Wat d'Lëscht vun de Projeten ubelaangt, déi elo virleien, an déi ëmmer erëm geännert goufen, ass festzehalen, dass do an eisen Ae kee strategescht zesummenhängend Konzept virläit. Der Regierung hir Begrënnung an hir Erklärung vun den eenzelnen Aarbechte sinn, esou seet de Statsrot och, knapps gehalen an d'Berechtegung am Eenzelnen ass net novollzéibar. Ze hoffe wier, dass den Transportminister derduerch gesäit a sech net vun den Interesse leede léisst, mä virun allem e globalen an europäesche Kontext vum Transport berücksichtegt.

Op alle Fall loossen d'Visioune fir d'Zukunft vun der Bunn, déi hir Direktioun opgestallt huet, net drop schléissen, dass hei dat richtegt Konzept virläit. Och de berühmte Strategiepabeier Mobilitéit.lu vum Transportministère, an Zesummenaarbecht mat der CFL ausgeschafft, ass nëmmen als Deelaspekt vum ganze Problem unzegesinn. E Gesamtkonzept gëtt et bei dëser Regierung net, wäitsichteg Virausplanunge kennt se net.

Eis Prioritéite sinn déi hei:

1. Bannen am Land brauche mir e performant, rapid an onofhängegt Schinnennetz.

2. Ausserhalb dem Land kënne mir eis Ëmleedungen, By-pass vum auslännesche Réseau virstellen. Mir brauche virun allem effikass Konnexiounen un dat internationaalt Schinnennetz. Beispiller wéi den TGV-Uschloss a Frankräich sinn do positiv ze bewäerten.

Dir Dammen an Dir Hären, ech brauch net méi am Detail op eis eenzel Virschléi fir de Schinnentransport anzegoen. D'Transportpolitik fir de Süden, esou wéi den ADR se gesäit, huet mäi Kolleeg Gast Gibéryen viru kuerzem hei ausféierlech virgestallt. Och d'Virschléi vum ADR fir de kollektive Persounentransport iwwert d'Schinn am Zentrum ass kierzlech virgestallt ginn.

Ech wëll awer fir d'éischt zum Transportminister sengem Projet fir den Ausbau vum Schinneverkéier um Kierchbierg, de Modul 15, dem Strategiepabeier, nach eppes soen. Doran huet d'Regierung eng ëmständlech an deier Streckeféierung mat Zuch an Tram festgeluecht. Domat huet d'Regierung awer och d'Dier opgemaach fir déi nächst Etapp mat Schinn an Tram iwwert d'Rout Bréck duerch den Zentrum an d'Stad. Den ADR kann dës onkohärent Verkéierspolitik vun der Regierung net matdroen. En effikasse Schülertransport op de Lampertsbierg an op de Geesseknäppchen ass weiderhin do net dran, leeschtungsfäeg Ost-West-verbindungen och net.

Et ass onverständlech wann d'Regierung gleeft d'Leit géifen den öffentlechen Transport benotzen, wa se hir Zäit verplempere musse mat Waarden an Ëmklammen tëschent Zuch, Tram a Bus. Et ass falsch mat deene Schinnen duerch den Zentrum vun der Stad Lëtzebuerg ze fueren an et ass net logesch, no ville stéchhaltegen Argumenter géint de BTB, elo dann en neien Tram duerch d'Stroosse vun der Haaptstad ze plangen.

An et ass och onverständlech an e gudde Verkéiersfloss, souwéi den Zuch op der Schinn dat bréngt, e Stau anzebauen an der Stad, duerch d'Ëmklammen an d'Reduzéiere vun der Transportcapacitéit duerch en Tram. Eng Verengung vun enger décker Leitung bremst den Duerchfloss iwwerall. Haut luet den Zuch d'Leit op der Gare all eraus, fir do mat verschiddene Bussen op de Lampertsbierg, de Kierchbierg, de Geesseknäppchen oder aner Zentre kutschéiert ze ginn, dëst mat allen Nodeeler vu Stau, Ëmklammen a voll gepraffte Bussen. Onverständlech ass och engem Transportsystem d'Plaz ewech ze huelen, an dësem Fall der Strooss, fir engem aneren Transportsystem, hei dem Tram, dës rar Flächen zur exklusiver Benotzung ze iwwerloossen.

Wichteg ass e Matenee vum öffentleche Persouneverkéier a vum Individualverkéier, vu Bunn, Schinn a Strooss. Wat d'Erschléisse vum Kierchbierg ubelaangt, esou gëtt et nieft dem BTB Null-Plus Modul K nach aner Virschléi, déi besser Weeër opzeechnen. Den ADR huet décidéiert de bekannte Projet Bus-Bunn ze ënnerstëtzen, well en eng Rei vu Virdeeler vis-à-vis vun allen anere Virschléi opweist.

Wichteg bleift ervirzesträichen, dass mat dësem System absolut keng Noutwendegkeet besteet, technesch opwendeg an deier Hybrid-Zuchmaschinnen anzekafen, déi en drëtte Stroumsystem mat 750 Volt Gläichspannung an d'Netzer vun eiser Bunn bréngen. Dorfir verlaangt den ADR, dass d'Regierung alternativë Virschléi fir d'Verbesserung vum Schinnentransport eng Chance gëtt an net stur op der falscher Schinn weider fiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eise Wonsch wär eng coragéiert Offensiv fir Mobilitéit an d'Zukunft. Well fir déi meescht Mënsche bedeit Mobilitéit Fräiheet a Liewensqualitéit. Fir eis Ekonomie awer bedeit Mobilitéit Wuesstem a Beschäftegung. Weider wirtschaftlech Entwécklung, europäesch Integratioun an Ost-Erweiderung vun der EU wäerten an Zukunft d'Verkéiersopkommen nach klammen dinn. Handel an Handwierk sinn dorop ugewisen, dass den Transport vu Gidder a Persoune méiglech reibungslos fonctionnéiert. Déi heiteg Ekonomie, mat extremer Opdeelung vun den Aarbechtsprozesser, brauch och an Zukunft berechenbar Transportzäiten a Strecken. Erhalung vu Mobilitéit gëtt zu engem entscheedende Faktor fir d'wirtschaftlecht Iwwerliewe vun eisem Land.

Eng wäitsichteg Politik bedeit matzäiten dësen Erausfuerderungen entgéint ze kommen duerch d'Schafe vun de richtege Kaderbedingunge fir e leeschtungsfäege Verkéier. D'Grondviraussetzung fir d'zukünfteg Mobilitéit ass awer eng breet gesellschaftlech Akzeptanz vum Verkéier. Dofir brauche mir sécher an ëmweltfrëndlech Verkéiersmëttel, sécher a gutt ausgebaute Strecken, déi de Bedürfnisser vun de Benotzer grad esou gutt entgéint komme wéi dem berechtegte Verlaangen no Rou vun de Bierger doheem.

Technesch Innovatioun, e bessert Zesummespill, d'Vernetzung vun alle Verkéierssystemer a Steigerung vun der Effizienz am Verkéier verhënnere verkéiersbedéngten Ëmweltbelaaschtunge wéi schiedlech Réckstänn, Kaméidi, Flächeverbrauch a gehéieren zu enger nohalteger Verkéierspolitik.

Eng vun de wichtegste Viraussetzunge fir eng nohalteg Mobilitéit sinn also gutt ausgebaute Verkéiersweeër, méi Investitioun an d'Verkéiersinfrastruktur. D'Konkurrenz suergt fir gutt Offeren a gënschteg Präisser fir de Client, och a grad beim Transport. Dofir muss d'Politik konsequent weider goen, den Zougank zu den Transportservicer, ouni Diskriminatioun, fir konkurrenzfräi ze ginn.

Déi ugefaange Bunnreform muss zu engem positive Resultat weider gefouert ginn. Well eis Wirtschaft brauch eng laangfristeg modern an ugepassten a bezuelbar Offer fir den Transport op d'Schinn. Leeschtungsfäeg, staark an innovativ Bunne kënne wierksam zu engem effiziente Verkéierssystem an domat zu enger verstäerkter Konkurrenzfäegkeet vun eiser Industrie bäidroen.

Eng kloer Ausriichtung, clientorientéiert no wirtschaftleche Kritären, ënner konkurrenzfäege Bedingungen, ka méi Innovatioun an Effizienz bréngen an ass d'Grondlag fir en dauerhaften Erfolleg vun der Bunn. Et gëtt Modeller, déi fräi Konkurrenz zouloussen. Se baséieren op Ausschreiwunge vu Konzessioune fir Betrib, Entretien, Neibau a Moderniséierung vum Réseau. D'Viraussetzunge si kloer. Standardiséiert, eenheetlech technesch a betriblech Regelen, héije Sécherheetsniveau, grad esou wéi sozial an ekologesch Mindestufuerderunge sinn ze garantéieren.

Den héijen Niveau vun de soziale Leeschtungen, vun der Sécherheet a vum Ëmweltschutz, deen hei am Land besteet, ass duerch entspriechend Kontroll a Strofe bei Net-Anhale weider auszebauen. Et däerf dobäi awer keng onzoumuttbar Barrière opgeriicht ginn. Ongläich Behandlung bei Konkurrenzvirdeeler, déi Konkurrenzfeeler verschaaft, ass ze vermeiden. Eng EU-wäit Harmoniséierung vun dëse Virschréften a Standarden garantéiert e qualitativ héichwäertegen a gesellschaftlech akzeptéierte Verkéier.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Greisen. Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany ageschriwwen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, an den 90er Joren hunn déi verschidde Regierungen de gesetzleche Kader geschafe fir déi europäesch Liberaliséierungsdirektiven ze erfëllen, déi, dat muss een awer och dobäi soen, vun hinne selwer mat ausgeschafft gi sinn. Dat ass geschitt duerch folgend Gesetzer.

1. Duerch d'Gesetz vum 10. Mee 1995 iwwert d'Eisebunnsinfrastruktur ass d'Eisebunnsnetz aus der CFL erausgeholl ginn an dem Stat iwwerschriwwe ginn. Et ass e Fonds du Rail geschafe ginn, deen aus öffentleche Budgetsmëttele gespeist gëtt an iwwert deen d'Infrastrukturen ënnerhalen an erneiert ginn, an d'CFL ass mat der Gestioun vum Réseau befaasst ginn. Doduerch dass de Stat d'Eisebunnsnetz besëtzt, ass d'Viraussetzung geschafe ginn, fir dass net nëmmen d'CFL, mä fir dass och aner Gesellschaften an Zukunft Zougank zum Réseau kënne kréien.

2. Duerch d'Gesetz vum 28. Mäerz 1997 iwwert de Statut vun der CFL iwwerhëlt de Stat d'Schold vun der CFL an Héicht vu 4,3 Milliarden a kritt dofir Aktien am CFL-Kapital. De Stat gëtt domadder bal alengegen Aktionär. Hie muss och an Zukunft méi wéi 50% vum Kapital behalen. Am Verwaltungsrot dominéieren déi staatlech Vertrieder, d'Gewerkschaften hunn een Drëttel vun de Sëtz. De Stat gëtt autoriséiert während zwielef Joer, dat heescht bis Enn 1998, de Surcoût ze subventionéieren, deen am besonneschen duerch d'Uwendung vum legale Personalstatut entsteet.

Dat ass an der Praxis eng ganz wichteg Bestëmmung, virun allem duerch hir zäitlech Begrenzung. Ëm si dréine sech schlussendlech och déi sozial Ausenanersetzungen, déi dës Woch mat engem Warnstreik ageleet gi sinn. D'Subventioun vum Stat ergëtt sech am Kader vun der Budgetslimite aus der Differenz zwëschent den Ausgabe vun der Eisebunn an den Einnahme bei der Eisebunnsklientel. D'Tariffer am Persounentransport sinn also uganks dëst Joer an d'Luucht gesat ginn, am Fong geholl fir de Statsbudget ze entlaaschten.

Déi Leit, déi all Dag mam Zuch op d'Aarbecht fueren, bezuelen domadder d'Steiererliichterunge vun hirem Patron, déi gläichzäiteg a Kraaft getratt sinn, an dat ouni déi geréngste Géigeleeschtung wat de Komfort vum Transportmëttel Zuch ugeet, dee jo bekanntlech désastréis ass.

3. Duerch e Gesetz vum 2. Juli 1999 iwwert den Accès zur Eisebunnsinfrastruktur ginn déi Kritäre festgeluecht, déi d'Eisebunnsentreprisen, esouwuel d'CFL wéi aner Entreprisen, mussen erfëlle fir eng Lizenz ze kréien. Dat Gesetz regelt awer och d'Attributioun vun de verfügbare Capacitéite vum Réseau. Prioritéit kréien déi Gesellschaften, déi regelméisseg Persouneservicer ubidden am Kader vun engem Contrat de Service public, net nëmmen d'CFL also. De Rescht vun de Capacitéite geet un de Meeschtbiddenden. All Gesellschafte bezuelen eng Redevance, déi an de Fonds du Rail fléisst.

Mat deenen dräi Gesetzer sinn am Prinzip ënnert där Regierung vu virdrun all Bedingungen erfëllt ginn, fir dass d'Liberaliséierung, déi vu Bréissel awer wéi et schéngt och hei zu Lëtzebuerg gewënscht an aktiv virugedriwwe gëtt, kann effektiv ginn.

Akut ass d'Situatioun virun allem um Gebitt vum Fret, vum Wuerentransport. Deen ass vum Mäerz dëst Joer u wäitgehend fir d'international Konkurrenz opgaangen. Eng Privatgesellschaft mécht elo schonn Transporter iwwer Lëtzebuerg.

1996 muss an deem Secteur komplett liberaliséiert ginn. Déi éischt Kritik, déi een un de Regierungen an un der Eisebunnsdirektioun ka maachen, ass déi, dass d'90er Joren zwar konsequent genotzt gi si fir d'Liberaliséierungsdirektiven an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung ëmzesetzen, mä dass parallell dozou kee Fanger kromm gemaach ginn ass fir d'CFL op déi nei Erausfuerderunge virzebereeden, obscho jo natierlech alles viraus ze gesi war.

Deen Aspekt steet och zu Recht am Vierdergrond, mengen ech, vun der Interpellatioun a war wahrscheinlech och Ulass fir déi Interpellatioun. An d'Zuelematerial, wat den Interpellant virgeluecht huet, ass natierlech accablant. D'CFL ass haut, et ass och scho vun engem vu menge Virriedner gesot ginn, wäitgehend en Eisebunnsmusée an et sinn emol net genuch Muséesstécker do, déi zirkuléiere kënnen, fir dass besonnesch a Stousszäiten dee flagranten Defizit u Sëtzplaze géif behuewe ginn.

Ech hu bei enger vun den Debatte vu virdrun, ech mengen, et war iwwert den Transportplang Süden, e Beispill aus menger eegener Erfahrung ginn, wéi et mat de Sëtzplazen ausgesäit, zum Beispill op der Stréck Péiteng-Lëtzebuerg. Dobäi kënnt dass den Zuch dacks net mat dem Bus getimt ass an doduerch och de Bus net ka seng Roll als Zoubrénger richteg erfëllen.

Fir déi Situatioun droen all d'Regierungen zënter op d'mannst 20 Joer d'Verantwortung. D'Erneierung vum europäeschen Zuchmaterial an de 70er an 80er Joren hu se verschlof. Deemools stungen d'Autobunnen am Mëttelpunkt vun der Transportpolitik.

Fir d'DP kënnt allerdéngs erschwéierend dobäi, dass si mat hirer Oppositioun géint de BTB, déi sech vu klengkaréierten Interesse leede gelooss huet, d'Planung vum öffentlechen Transport ëm Joren hannendra geheit huet.

Dobäi huet eng ILReS-Ëmfro erginn, dass eng grouss Akzeptanz fir dee Projet vun enger Stadbunn duerch de Staadter Zentrum nach ëmmer bei de Leit besteet; ganz einfach well si och engem kloere Besoin vun de Leit entsprécht.

Dëst Joer sinn also déi éischt nei Zich bestallt ginn. Da brauch ee sech natierlech net iwwert déi laang Liwwerzäiten ze wonneren, an dass laang Liwwerzäite bestinn, hätt jo scho laang am Viraus misste gewosst sinn.

An ech froe mech, firwat net eng Iwwergangsléisung konnt fonnt ginn, déi dra bestanen hätt d'Material - och aalt Material wann et hätt misse sinn - ze lounen, fir deem Besoin nozekommen, dee jo awer ëmmer nach wiisst.

Firwat ass näischt ënnerholl gi fir d'Reparaturatelierë personalméisseg opzestocken an ze équipéieren, fir dat vereelste Material besser kënnen a Stand ze setzen?

Firwat sinn d'Präisser ufanks vun dësem Joer zum Beispill vun den Zuchbilljeeën an d'Luucht gesat ginn?

D'CFL schreift selwer an hirem Joresbericht fir 2001, dass d'Zuel vun den Abonnenten, déi vu Lonkech an d'Stad fueren, vum Joer 2000 op d'Joer 2001, vun 1.080 op 3.741 geklommen ass. Firwat? Well d'Abonnementspräisser op der Streck erof gesat si ginn, wat a mengen Ae ganz kloer d'Wichtegkeet vun akzeptabelen Tariffer ënnersträicht, zum Beispill am Beruffsverkéier.

Dass d'Regierung d'Situatioun op der Bunn absichtlech verfaule gelooss huet, fir an Zukunft privaten Ubidder e Stéck vum Kuch - a wa méiglech d'Korinthen - ze iwwerloossen, wäert wahrscheinlech vun hir gär bestridde ginn.

Op jidde Fall kann een awer feststellen, dass an deene leschte Joren a Jorzéngten näischt ënnerholl ginn ass fir eng offensiv Politik a Richtung öffentlechen Transport ze bedreiwen am Kader vun der bestoender Struktur.

Dat hätt natierlech aner Prioritéiten an der Orientéierung, an der Politik vun der Regierung verlaangt. Dat hätt och eng Ëmverdeelungspolitik duerch attraktiv Tariffer verlaangt, déi natierlech am Kader vun enger Liberaliséierung net méiglech wäert sinn.

D'Moyene dofir waren op jidde Fall do, an esou eng Politik vum öffentlechen Transport hätt déi weider wirtschaftlech Entwécklung och sécherlech net verhënnert, éischter de Contraire.

Virun allem awer hätt se zu enger gudder Liewensqualitéit bäigedroen a vill Affer vum Autosverkéier géifen haut nach liewen, oder sech besser fillen, wann déi Saach vill éischter ugepak gi wier.

Eng aner Politik vum öffentlechen Transport gëtt och schonn zënter laangem verlaangt vun de Gewerkschaften am Transportsecteur selwer a vum Mouvement écologique. D'Aktioun "Öffentlechen Transport" war an der Zäit e Versuch, fir eng breet Öffentlechkeet fir hir eegen Interessen ze sensibiliséieren an ze mobiliséieren. Déi richteg Konzepter hu scho ganz fréi bestanen a si bestinn och haut nach.

Konzepter wéi Mobilitéit.lu komme räichlech spéit a falen an d'Liberaliséierungsphas eran, mat Auswierkungen op d'CFL an op de Statut vun hirem Personal, déi nach net ganz kloer sinn. Och d'Finanzéierung dovunner ass nach net ganz kloer an ech ënnerstëtzen dofir och déi Fuerderung, de Stat misst bei der CFL mat méi Kapital eraklammen.

Et geet bei der CFL ëm méi wéi ëm de Loun an ëm de Statut vun den Eisebunner, mä et geet och do drëm. An déi breet Öffentlechkeet, déi Interessen un engem gutt fonctionnéierende Schinnentransport huet, muss och wëssen, dass dozou net nëmme modern Zich a Wagonen, mä och genuch a gutt bezueltent Personal gehéiert, wat fir d'Sécherheet a fir de Komfort suerge kann.

Haut scho wëll den CFL-Verwaltungsrot - an dat sinn haaptsächlech Regierungsvertrieder - d'CFL fit maachen, fir déi Compétitioun déi op se zoukënnt, andeem se hire Coût wëll erofdrécken op dee vu privaten Ubidder. Den Entworf vun engem Strategiepabeier vun der CFL fir de Giddertransport wibbelt nëmmen esou vu Säitenhieb op d'Contrainte vum öffentleche Personalstatut.

D'CFL selwer operéiert schonn am Giddertransport iwwert eng Duechtergesellschaft am Güterbahnhof vun Tréier, wou si d'Rangéierdéngschter iwwerholl huet, an d'Personal vun där Gesellschaft ënnersteet natierlech net dem Statut vun der CFL.

Et ass an Zukunft méiglech, dass aner Zuchgesellschafte wéi d'CFL och zum Beispill Linnen a Fahrten iwwerhuelen am öffentleche Persouneverkéier, zum Beispill bei deem nei ze schafenden Tram deen op de Findel soll fueren, och wann dat sech vläicht an der Praxis wäert a Grenzen halen. D'CFL selwer an hire Generaldirekter envisagéieren zum Beispill esou Linnen am internationalen Zuchverkéier selwer ze bedreiwen. Zum Beispill no däitschen Destinatiounen, wou jo de Maart scho wäitgehend liberaliséiert ass, och am Persouneverkéier.

Däitschland ass iwwregens e gutt Beispill fir dat, wat riskéiert op eis zouzekommen, well do d'Liberaliséierung am Kader vun der Privatiséierung vun der däitscher Bunn scho ganz wäit fortgeschratt ass. D'Nodeeler vum däitsche Modell sinn an der Zwëschenzäit bekannt. Et brauch een net bis an England ze fueren: Verspéidungen, en onduerchsichtege Präissystem mat Nodeeler grad fir de Beruffsverkéier, Ofbau vu Regionalverbindungen, Plazenofbau awer och Stëlleeung vun Industrieuschlëss déi net méi rentabel sinn.

Wann 2009 d'CFL net méi subventionéiert gëtt an op sech eleng gestallt ass, da kënnt eng ähnlech Entwécklung op si zou. Da gëtt bei de Personalkäschte gespuert, bei de Materialkäschten - wat alles och op d'Käschte vun der Sécherheet wäert goen -, an da ginn d'Präisser vun de Billjeeën an den Abonnementer an d'Luucht, entweder allgemeng oder selektiv, do wou se am mannsten abréngen. Fir duerch d'Konkurrenz d'Präisser wëllen ze senken, dat wäert sech wahrscheinlech nëmme partiell an zäitweileg weise fir gewëssen interessant Clienten.

Profitéiere vun deem ganze wäerten déi grouss Investisseuren. D'Käschten droen der vill: d'Personal, d'Benotzer vun der Bunn - besonnesch de Beruffsverkéier an déi mat deene klenge Paien -, d'ländlech Géigenden déi wäerte vernoléissegt ginn an d'Leit am Allgemenge wäerten och d'Auswierkungen ze spiere kréie wat hir Ëmwelt ugeet.

Déi éischt Virbueten hu mer am Sozialkonflikt mat den Eisebunnsgewerkschaften. Déi wiere sech zu Recht, well se fäerten éischtens en Ugrëff op hire Statut, zum Beispill duerch d'Ewechfale vum automateschen Avancement an der Carrière, zweetens en Astellungsstopp an drëttens d'Filialiséierung, dat heescht d'Auslagerung vun Aktivitéiten an Duechtergesellschaften iwwer Privataarbechtsverträg fir déi déi do schaffen.

M. le Président.- Ech muss lech drop hiweisen, datt är Riedezäit ofgelaf ass.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Mä de Problem ass, ech hunn hei net méi de Compteur wéi gewinnt, dee mech ëmmer erënnert un déi précieuse Riedezäit.

M. le Président.- Dofir hunn ech lech et jo elo gesot.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech wollt eigentlech awer nach d'Zäit vun den zwou Motioune mat bäihuelen. Ass dat vläicht méiglech? Déi misst jo awer nach vorhande sinn. Ech sinn direkt fäerdeg. Ech hunn nach fir eng Minutt.

Et war bezeechnenderweis d'Regierung déi duerch hir Vertrieder am CFL-Verwaltungsrot schonn zougesote Personalopstockungen erëm réckgängeg maache gelooss huet. Dat féiert laut de Gewerkschaften zu Personalofbau an zum Enn vun enger integréierter Bunn duerch futti-rationaliséieren.

Au contraire, mengen ech, dass et wichteg ass de Statut vun der Bunn ze verteidegen, iwwregens bei allen Eisebunnsgesellschaften déi nach komme wäerten, an dat nom Gesetz vun 1920, wat dat ausdrécklech virgesäit. An ech mengen et ass och néideg, fir méi frontal géint all déi Bestriewungen déi bestinn, souwuel vu Bréissel aus wéi och zu Lëtzebuerg, virzegoen, well mer brauchen haut e gudden öffentlechen Transport och mat enger öffentlecher Finanzéierung.

D'Eisebunn ass haut a villen Hisiichten, mengen ech, e Streik wäert, wéi d'Gewerkschafte soen, a mir sollte se dobäi ënnerstëtzen, well et geet ëm d'Wuel vun der ganzer Regioun an et geet och ëm ee Stéck Sozialpolitik zu Lëtzebuerg.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Urbany. Domat wieren d'Riedner all erduerch. D'Regierung kritt dann elo d'Wuert an domat ginn ech dann dem Här Transportminister Henri Grethen d'Wuert.

## 4. Dépôt d'un projet de loi

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Merci, Här President. Fir d'éischt wéilt ech, Här President, gemäss dem Arreté grand-ducal vum 25. Abrëll 2003, dee mech autoriséiert de Projet de loi iwwert den öffentlechen Transport ze déposéieren, dat heimadder maachen:

*- Projet de loi N° 5125 sur les transports publics.*

M. le Président.- Ech huelen Akt vum Dépôt vum Projet de loi 5125, deen un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet wäert ginn.

## 5. Interpellation de M. François Bausch au sujet de la politique ferroviaire (suite)

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Interpellant, den honorabelen Här Bausch, huet seng Interventioun ugefaangen, andeem hien drop higewisen huet, dass d'Eisebunn an enger kritescher Situatioun ass an dass et eigentlech géif gëllen éischter vun Opbau wéi vun Ofbau ze schwätzen, dass et méi wichteg wier positiv Signaler ze ginn, statt ze mengen et kéint ee mat de Rezepter vum 19. Jorhonnert am 21. Jorhonnert an engem verännerten Ëmfeld eng Eisebunn um Liewen erhalen.

Ech hunn éineschters engem vun de Mandatairë vun där Gewerkschaft, déi haaptsächlech den nächste Freideg, de Landesverband, zu engem Warnstreik opgeruff huet, meng, ech wëll net soen Irritatioun, mä mäin Onverständnis fir déi Aktioun zum heitege Moment matgedeelt, an ech sinn der Meenung dass et Verrot un der Zukunft vun der Eisebunn ass.

An engem Moment wou d'Lëtzebuerger Eisebunn viru groussen Défië steet, virun Défien, wéi se se nach ni an hirer Geschicht kannt huet, ass et net fir negativ ze reagéieren, mä ech mengen dass et géif gëlle positiv ze reagéieren a sech positiv deenen Erausfuerderungen ze stellen, wann ee wëllt als Eisebunn eng Zukunft hunn.

Här President, däerf ech drop hiweisen, dass jo net nëmmen dës Regierung, mä och déi viregt Regierung eng ganz Rei vun Initiative geholl hunn. Ech wëll net verheeschen, dass dat ënnert dem Drock vun europäeschen Direktive war, fir d'Eisebunn an en neie Kader ze setzen.

Ech brauch sécherlech net un d'Gesetz vum 10. Mee 1995 ze erënneren. Ech brauch och net oder ech wëll awer ganz kuerz un d'Gesetz vum 28. Mäerz 1997 erënneren, wou d'Eisebunn komplett désendettéiert ginn ass. De Lëtzebuerger Stat huet d'Gesamtschold vun der Eisebunn iwwerholl. A wann de Lëtzebuerger Stat - mir all also - haut nach iwwerhaapt eng Schold huet, déi ze rembourséieren ass, dann ass et haaptsächlech deen Deel vun der Schold, déi mer vun der Eisebunn iwwerholl hunn.

An d'Lëtzebuerger Eisebunn huet deemools, am Kader vun enger Augmentation de capital, och nach d'Finanzmëttel zur Verfügung gestallt kritt. Finanzmëttel déi mëttlerweil opgebraucht sinn.

A wat fir engem Kader schafft haut d'Eisebunn? D'Lëtzebuerger Eisebunn huet eng Rei vu Métieren. Et gëtt Métierë wou se fir de Stat schaffen an et gëtt Métierë wou se d'Autonomie hunn. De Métier wou se fir de Stat schaffen ass den Ënnerhalt an den Neibau zum Deel vun der Infrastruktur. Mir schaffen, einfach duergestallt, à livre ouvert.

D'Eisebunn seet, dat huet esou vill kascht, schéckt eng Rechnung eran, déi gëtt kontrolléiert. Si kënne sech nach ee klenge Benefiss drop huelen, an de Stat, dat heescht d'Collectivitéit bezilt iwwert de Fonds du Rail. Opération risque zéro.

Da mécht d'Eisebunn öffentlechen Transport iwwert d'Schinn. De Stat bestellt. D'Eisebunn fiert. De Stat bezilt. Mir all bezuelen. De Voyageur bezilt och. Ech däerf awer drop opmierksam maachen, dass den Taux de couverture kaum 13% vun den effektiven Ausgaben ausmécht. Et gëtt jo Leit, déi verlaangen, et soll een et och nach gratis maachen. Ech gehéieren net zu deenen, well ech sinn der Meenung, dass mat alles wat gratis ass den Uz gemaach gëtt, an dass ee muss een Taux de couverture bäibehalen, quitte dass dat no soziale Kritäre geschitt. Mä am öffentleche Persounentransport schafft d'Lëtzebuerger Eisebunn mam Risque zéro.

Da gëtt et nach deen interessanten Aspekt wann d'Eisebunn iwwert d'Strooss fiert. Wann d'Eisebunn iwwert d'Strooss fiert, dat sinn exklusiv Lignes de substitution. Et muss ee wëssen, dass d'Eisebunn bezuelt gëtt wéi wann eng privat Entreprise iwwert d'Strooss fiert. An da bleift en Découvert. Deen Découvert ass ronn 55% vum Gesamtkäschtepunkt. De Käschtepunkt, fir der Chamber awer eng Impressioun doriwwer ze ginn, läit bei 10 Milliounen Euro d'Joer. Déi ginn och vum Statsbudget bezuelt. Dat sinn déi Aufgaben, déi d'Eisebunn wouer hëlt fir d'Öffentlechkeet. An dann hu se zwou Aufgaben, déi se a renger Autonomie duerchféieren. Dat eent ass den internationale Persounentransport. Do entsteet e liichten Defizit, doraus dass, ähnlech wéi bei der Post, wann d'Lëtzebuerger Post de Bréif an d'Ausland schéckt, da muss se undeeleg deen auslännesche Opérateur esou bezuele wéi deem seng Tariffer sinn. Ähnlech ass et hei, wann d'Lëtzebuerger Eisebunn am internationale Persouneverkéier een anzwousch hiféiert, da gëtt dat d'selwecht gehandhaabt, undeeleg muss eis Lëtzebuerger Eisebunn sech un deem finanziellen Opkommes bedeelegen. Do entsteet e liichten Defizit.

An da kënnt dat gréisste Suergekand, wat d'Lëtzebuerger Eisebunn am Moment huet, dat ass de Wuerentransport. De Wuerentransport, an et ass schonn ee Riedner drop agaangen, wou een eenzege Client 80% vum Ëmsaz ausmécht. An am Wuerentransport mécht d'Lëtzebuerger Eisebunn dëst Joer 35 Milliounen Euro Perte. Tendenz steigend. Wann näischt geschitt, wann net gekuckt gëtt wéi kënne mer dat besser maachen, wéi kënne mer eis Produktivitéit steigeren, wann net gekuckt gëtt wéi kënne mer besser Präisser kréien, wann net gekuckt gëtt wéi kënne mer méi effikass schaffen, da kann ee sech zesummerechnen, dass déi Aktivitéit der Eisebunn all Méiglechkeet an Zukunft ewechhëlt.

An dofir hunn ech d'Direktioun vun der Eisebunn am Oktober 1999 gefrot, fir sech an deem Ëmfeld wou se schaffen, national an europäesch, Gedanken ze maachen, wéi d'Strategie fir d'Zukunft ka sinn. An ech hunn all Versteesdemech, wann e Minister am Oktober 1999 e Bréif schreift, dass een net vun haut op mar dorobber kann eng Äntwert ginn, besonnesch och, an dat wëll ech hei ënnersträichen, wann Deeler vun der Beleegschaft, a besonnesch déi, déi misste Verantwortung iwwerhuelen, dat heescht d'Gewerkschaftsvertrieder, net bereet si Verantwortung ze iwwerhuelen.

Et ass vun engem Riedner hei eng Parallell gezu gi mat der Sidérurgie. Ech weess, dass an de 70er Joren an der Sidérurgie iwwer 30.000 Leit geschafft hunn. An ech weess wéi schmerzlech fir jiddfereen, fir déi Betraffen am Besonneschen, mä awer och fir all Bierger hei am Land, well jiddfereen huet et a sengem Portmonni gespiert, dee Moderniséierungsprozess an der Lëtzebuerger Sidérurgie war. An, Här President, mir stinn och bei der Eisebunn virun engem Moderniséierungsprozess. Wann d'Gewerkschaften net erkennen, dass se sech mussen deem Défi stellen, da kann een nach zwee, dräi, véier Joer de Kapp an de Sand stiechen. Mir hunn iwwert dat Gesetz vun 1997 d'Méiglechkeet nach - mir hunn 12 Joer, esou war deemools ageschriwwe ginn - fir de Surcoût ze bezuelen. Haut schonn, wa mer d'Scorelëscht kréie vun de Subventiounen an Europa, wou, deemno wéi ee se liest, Lëtzebuerg ganz gutt oder ganz schlecht ofschneit. Mir schneide ganz gutt of wann d'Eisebunn net berücksichtegt gëtt a mir schneide ganz schlecht of am Här Monti senge Rapporten, an déi lescht Woch ass erëm een eraus komm, wa mer d'Subventiounen, déi mer un d'Eisebunn bezuelen, musse mat berücksichtegen.

An no 2008, ob dann dës Chamber wëllt oder net, kann et ganz gutt sinn, dass mer gesot kréien, dass dat net méi méiglech ass. Da kréie mer gesot dass d'Liberaliséierung am Fret voll duerchschléit. Da kréie mer gesot, dass zum Beispill eng Persounelinn, zum Beispill Diddenhuewen-Lëtzebuerg, europäesch muss ausgeschriwwe ginn. Dann ass et méiglech, dass d'franséisch Eisebunn seet, mir fueren déi. Mir hunn d'Material. Mir hunn d'Leit. Mir hunn de System, an et kann da kee komme fir ze soen, e franséische Maschinist wier am Dumping social. E franséischen Maschinist géif d'Regele net kennen. Dee wéisst net wéi ee mat enger Lokomotiv géif fueren. Ech wëll einfach nëmmen dorobber hiweisen, dass ee sech deenen Défië muss stellen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

D'Eisebunn muss also kucken: Wou sinn eis Stäerkten? Wou sinn eis Schwächten? Wou sinn d'Geforen, déi op eis laueren, a wou sinn awer och déi Opportunitéiten, déi mer an der Zukunft hunn? An aus där Analys eraus muss dann eng Strategie entwéckelt ginn. An déi Strategie, Här President, déi kann dann net, dat wëll ech och hei soen, vum Conseil d'administration ofgeseent ginn, an dann ass d'Regierung an Zuchzwang an d'Regierung muss sech exécutéieren.

Wa mer vu Strategie op der Eisebunn schwätzen, a wa mer dovu schwätzen, dass de Stat, mir alleguer musse fir déi Strategie riicht stoen, da muss d'Politik fir d'éischt sech och iwwert déi Strategie äusseren. A wa se sech geäussert huet, da muss si och hir Responsabilitéiten iwwerhuelen, mä si kann dat nëmmen an engem europäeschen Ëmfeld maachen. Dat ass net anescht. Ech hunn dat net erfonnt. Ech, als liberalen Transportminister, an den Här Fayot huet dat leschtens jo beluewegend hei ervirgehuewen, war mat engem chrëschtdemokratesche franséischen Transportminister a mat enger fréierer, leider lo net méi grénger Transportministesch, der Madame Durand aus der Belsch, déi dräi eenzeg, déi viru Wochen am Conseil européen géint den drëtte Paquet ferroviaire gestëmmt hunn. Mir hu géint den drëtte Paquet ferroviaire gestëmmt. Fir ee Minister vu menger Bluttgrupp ass dat en extraordinairë Virgang. Mä ech si mer awer bewosst, wat fir enge Contrainten d'Lëtzebuerger Eisebunn als dee klengste Réseau ausgesat ass, an dass een dee klengste vun alle Réseauen, déi déi kierzte Strecken huet, awer vläicht déi héchste Fräen, net ka mir näischt dir näischt där Liberaliséierung aussetzen.

Mir hunn als Regierung eng offensiv Politik a Froe vun der Infrastruktur. Ech ginn hei gefrot, ob d'Linn Lëtzebuerg-Beetebuerg éischt Prioritéit wär. Hätt ech gesot, d'Linn Lëtzebuerg-Beetebuerg ass éischt Prioritéit, ech kënnt eng Wett mat lech agoen, da wär ee komm, dee gesot hätt: Ah neen, Esch-Lëtzebuerg ass déi éischt Prioritéit, oder, au choix, Péiteng-Lëtzebuerg ass déi éischt Prioritéit.

Här President, ech kann der Chamber versécheren, dass ech en accord mat de Verantwortleche vun der Eisebunn Prioritéite fixéieren. Wann Direktioun vun der Eisebunn mir seet - well ech kann nëmme mat deene Sue schaffen, déi d'Chamber mer zur Verfügung stellt op Basis vun engem pluriannuelle Plang -, d'éischt Prioritéit wier den zweegleisegen Neibau zwëschent Lëtzebuerg a Beetebuerg, kann ech meng Pläng änneren. Sans problème. Mä ech muss lech soen, dass d'Eisebunn anerer Meenung ass. A si ass och zu Recht anerer Meenung, well mer zu Fenteng an deem Dräieck amgaang sinn en drëtt Gleis dohinner ze leeën, well mer amgaang sinn d'Blockofstänn méi kuerz ze maachen a well mer amgaang si Material ze kafe wat zweestäckeg ass, wat dann och zousätzlech Capacitéite bréngt. Mä dat ass net déi eigentlech Fro. Déi eigentlech Fro ass jo: Wat fir eng Zukunft huet dës Eisebunn? Wat musse mer maachen, fir dass dës Eisebunn eng Zukunft huet? An do musse mer selbstverständlech Infrastrukture realiséieren. Mir sinn amgaang déi Aarbechten ze maachen.

Praktesch Mount fir Mount kommen ech mat engem Projet de loi an d'Chamber, mä mir brauchen awer och nach de Finanzement vun deem Ganzen. Här President, wann een de Projet Mobilitéit.lu mat all deenen Infrastrukturaarbechten, déi do an allen Etappe virgesi sinn, konservativ ausrechent, da kënnt ee bei e Gesamtmontant vun 2,2 Milliarden Euro, wann net méi!

Do muss ee sech och froen, wou huele mer déi hier an hu mer déi Suen, wa mer gläichzäiteg ëmmer méi déif an d'Perte erafuere bei der Eisebunn. Hu mer dann iwwerhaapt nach d'Moyene fir eis Infrastrukturen ze leeschten? Net ze schwätze vum Material. Et ass elo méisseg fir hei ze diskutéiere wie wéini wat fir ee Material bestallt huet. Tatsaach ass, dass een Eisebunnsmaterial, an den honorablen Här Zanussi, Här President, dee jo en Orfèvre en la matière ass, an dee jo selwer Eisebunner ass, weess wéi schwiereg dat ass, net kafe geet wéi een an e Garage geet a seet ech hätt gären deen doten Auto, well et fënnt een dat néirens.

Et muss zum Beispill bei deem Train-Tram-Material eppes entwéckelt gi fir Lëtzebuerg, wat et soss néirens gëtt. Et gëtt et zum Deel anscheinend zu Saarbrécken, mä do huet e Fabrikant eng Opération commerciale wëlle maachen an huet d'Entwécklungskäschten net op de Client ofgewälzt, mä mir sinn elo mat der Tatsaach konfrontéiert, dass mir fir dat Material, wat mir fir eise Réseau brauchen, och d'Entwécklungskäschte voll op d'Lee gesat kréien. Dat ass eng Questioun, déi dat Material nach wesentlech méi deier mécht.

Dat muss een net interesséieren, wéi een et net muss interesséiere wéi dat dann elo soll finanzéiert ginn. Dat einfachst ass, Här President, wann een heihinner kënnt an et seet een de Stat soll eng Augmentation de capital maachen. De Stat huet 1997 eng Augmentation de capital gemaach. Dann ass meng Fro: Wat ass mat deene Sue geschitt? Wou sinn déi? Wat fir ee Material ass domadder kaaft ginn?

Dës Regierung huet hiren Accord ginn, dass ee soll neit Material kafen, an de Budgetsminister huet à ma demande d'Autorisatioun ginn, fir dass d'Eisebunn d'Statsgarantie kritt fir dat Material ze kafen. Da musse se Sue léine goen an da gi se Sue léinen an de Stat muss am Transport public de Prêt rembourséieren. Et kann ee sech och virstellen, dass ee Material leasë geet. Et kann ee sech och virstellen, well d'Eisebunn nach eng ganz Rei vun Immobilien huet, dass de Stat eventuell déi Immobilie kafe géif, mä deen allereinfachste Wee sinn ech net bereet mir näischt dir näischt matzegoen, dat ass dee fir ze soen elo kritt Der eng Augmentation de capital an duerno sinn d'Problemer fir e puer Joer geléist.

Ech kéint mer et natierlech, Här President, relativ einfach maachen a mat op dee Wee goen an da wéi de Pontius Pilatus meng Hänn an Onschold wäschen a soen après moi le déluge, mä ech weess awer, dass dat d'Solutioun vun de Problemer net wier.

Ech si mam Här Bausch eens, dass mer mussen an d'Infrastrukturen investéieren an ech hu jo déi Projete wéi gesot hei déposéiert. An deenen nächste Méint ginn der nach déposéiert, fir dass mer e kohärent Ganzt hunn an da kënne mer och iwwert d'Prioritéite schwätzen.

Ech sinn och mam Här Bausch eens, dass mer dofir suerge mussen, dass mer international den Uschloss net verpassen. Duerfir de Projet de loi TGV-Est. Duerfir och mäin Accord fir mat Däitschland zesummenzeschaffen. Bis elo sinn ech an deene véier Joer, wou ech Transportminister sinn, ganz oft a Rheinland-Pfalz geruff ginn an hu gesot kritt: Dir Lëtzebuerger musst eis hëllefen, fir dass d'Linn Koblenz-Tréier moderniséiert gëtt, well déi ass wichteg fir den Uschloss u Lëtzebuerg.

Mä si ass och wichteg hannert Tréier bis op Waasserbëlleg, an do gëtt et zwëschent Tréier a Waasserbëlleg eng Bréck, déi zu Konz, déi kee vun eis a vun eise Päpp futti gemaach huet. Dofir ware mir net verantwortlech. An ech mengen, dass déi, déi se futti gemaach hunn, se och erëm flicken sollen.

***(Hilarité)***

Mä ech kann lech assuréieren, dass elo schonn d'Streck zwëschent Lëtzebuerg a Waasserbëlleg fir d'Pendolinoen ze benotzen ass. Mir hunn domadder kee Problem. Mir si jo och amgaang, am Kader vun der Ubannung vum Kierchbierg iwwert de Findel, wat d'Eisbunnsnetz ugeet, zweegleiseg aus der Stad Lëtzebuerg dann erauszegoen, esou dass mer och do op deem Deel vun der Streck eng Verbesserung kréien. Wéi gesot, mir ënnerstëtzen déi Beméiungen an Däitschland an et ass am Bundeswegeplan virgesinn, fir dat ze realiséieren.

Ech hunn deemnächst erëm eng Kéier Rendez-vous mat mengem däitsche Kolleeg, dem Här Stolpe. Dat ass an Däitschland e bësse méi komplizéiert, well nom Här Klimmt koum den Här Bodewig. No dem Här Bodewig koum den Här Stolpe. Kaum kennen ech deen een, dann ass en aneren do, mä mam Här Stolpe hunn ech awer eng relativ gutt Relatioun an ech wäert him un d'Häerz leeën, dass déi Relatioun fir eis och eng gewëss Wichtegkeet huet.

Datselwecht gëllt fir eis Relatioun mat Belgien. Mir ginn net midd all belsche Politiker, deen op Lëtzebuerg kënnt, oder all belsche Politiker, deem mir zu Bréissel oder zu Arel oder zu Namur oder zu Léck begéinen, ze soe wat fir eng Valeur mir der Streck Lëtzebuerg-Namur-Bréissel bäimoossen. Mir si souguer esou wäit gaangen, dass mer gesot hunn ënner Ëmstänn kéinte mir eis virstellen, dass mer géifen eng Participatioun un den Infrastrukturfräen iwwerhuelen.

Mä, Här President, et fält mir awer am Dram net a fir engem belsche Politiker ze verspriechen, dass de Lëtzebuerger Stat sech géif un den Käschte vun den Infrastrukturen zwëschent Bréissel an Namur bedeelegen. Wann dat gefrot gëtt, dann awer net mat mir. Mä ech ka mer awer virstellen, dass mer an der Province du Luxembourg, net well dat eng Kéier Lëtzebuerg war, mä well dat deen Deel ass, dee muss moderniséiert ginn, fir dass mer d'Performance op déi Streck kréien, géifen intervenéieren, ähnlech wéi mer beim TGV-Est intervenéiert sinn, mä dann awer zu ganz klore Bedingungen. Da mussen eis belsch Partner eis awer och soen, ob si bereet si mat eis an esou eng Richtung ze goen.

An dann, Här President, hale mir, dës Chamber an dësen Transportminister, d'Libéralisatioun vum Fret net op. Wéi gesot, ech hu géint den drëtte Paquet ferroviaire gestëmmt. Ech sinn och en aveu, Här President, dass ech mech elo net besonnesch fläissen, fir a vorauseilendem Gehorsam alles ëmzesetzen, wat do muss gemaach ginn. Ech hat eigentlech gemengt, dass ech domadder géif, wéi soll ech soen, de Suerge vun den Eisebunner entgéint kommen an doduerch och e Signal géif ginn, dass mir éischter am Bremshaische sëtze wéi an der Lokomotiv bei där Affär hei. Ech wëll lech awer och soen, dass ech, respectueux vun deenen Engagementer, déi mer um internationale Plang aginn, awer selbstverständlech och muss dofir suergen, dass mer déi Texter ëmsetzen. Mir sinn amgaangen domadder. Mat enger Rei vun deenen Texter ass schonn d'Chamber befaasst an ech mengen den Här Bausch huet jo och do d'Datumer relevéiert.

Mir sinn amgaang e Code du rail praktesch ze schreiwen, esou wéi et e Code de la route gëtt. Dat war virdrun net noutwendeg, well d'Eisebunn deen eenzegen Opérateur war, mä mir iwwerhuele praktesch, wéi soll ech soen, Copie conforme déi Reglementer, déi am Moment en vigeur sinn. Mir ginn héchstens an déi Richtung, dass mer do wou d'Reglementer mussen e bëssen entstëbst ginn an do wou se vläicht e bësse musse méi streng gemaach ginn, fir dass d'Sécuritéitsmesuren nach méi prezis ginn, dat maachen.

Wat d'Redevancen ugeet, déi gefrot ginn, hu mer e Règlement grand-ducal vum 31. Mäerz vun dësem Joer, wat de 14. Abrëll am Mémorial publizéiert ginn ass an zënter dem 1. Mee a Kraaft ass. Mir wäerten ongefeier iwwert déi Redevance 10,9 Milliounen Euro erakréien. Vun deenen 10,9 Milliounen Euro sinn zwee Drëttel souwisou à charge de l'Etat, déi mer erëm zréckbezuelen iwwert den öffentlechen Transport.

Dann d'Interopérabilitéit, eng Suerg déi ech hunn, déi technesch Harmoniséierung. D'Conférence des Présidents ass befaasst mat engem Projet de règlement grand-ducal. Ech mengen dass en um Ordre du jour ass vun enger vun deenen nächste Conférence des Présidents, wou deen Text dann ugeholl gi kann. Wat d'Lizenzen ugeet an de Certificat de sécurité, esou ass de Conseil d'Etat de 17. Mäerz vun dësem Joer mat deene Reglementer befaasst ginn, an ech huelen un dass de Conseil d'Etat déi och an deenen nächste Wochen aviséiere wäert.

Da bleift nach e Projet iwwert d'Formatioun vum Personnel de conduite a vum Personnel d'accompagnement an e Projet iwwert den Agrément an de Contrôle technique vum Matériel roulant. Wat dee leschte Projet ugeet, do schafft d'Eisebunnsdirektioun ganz enk mat eis a mat der Société nationale de contrôle technique, Sandweiler genannt, zesummen, wou mer versiche wäerten eng Jointventure ze kréien.

Wat d'Formatioun ugeet, esou wäert sech näischt änneren. Et ass just net méi d'Eisebunn, déi dann de Führerschäin ausstellt, mä et ass de Stat, deen de Führerschäin ausstellt, an d'Formatioun wäert an der Chambre de Commerce dispenséiert ginn, awer vun deeneselwechte Leit, déi elo schonn d'Formatioun maachen. Et huet jo kee

Wäert déi Leit ewech ze huelen, déi dat bis elo ganz gutt gemaach hunn.

Här President, da wollt ech meng Suerg nach eng Kéier ausdrécken, dass mer, wat d'Liberaliséierung vum Fret ugeet, viru maache mussen an dass mer eis do net virun de Realitéite verstoppen däerfen. An ech muss nach eng Kéier soen, Här President, dat ass wierklech meng déif Suerg, wann een haut 3.200 Eisebunner virmécht, dass een duerch e Warnstreik d'Rad vun der Geschicht kéint zréckdréinen, da fannen ech dat ganz geféierlech. Ech fannen et gefëierlech, well een op der enger Säit de Leit Angscht mécht. Et mécht een hinnen Angscht ëm hir Aarbechtsplazen. Et mécht een hinnen Angscht ëm hir Paien. Ech héieren, dass anscheinend a Gewerkschaftsversammlunge gesot gëtt d'Paien op der Eisebunn wären a Gefor, et wéisst een net, ob se nach kéinten d'Paie bezuelen.

Här President, ech sinn hei erënnert ginn un dat Wuert, wat ech matgepräegt hunn an engem ganz aneren Zesummenhang, an zwar Pacta sunt servanda. Pacta sunt servanda, dat heescht déi Engagementer deemools, déi een als Arbeitgeber Stat vis-à-vis vu senge Leit de Fonctionnairen an och den Assimiléierte geholl hat. Duerfir verstinn ech net, wann ech an deem Zesummenhang vum honorablen Här Zanussi hei praktesch an de Mond geluecht kréien, wéi wann ech fir den Ofbau vun de Pensioune vun den Eisebunner wär.

***(Interruption)***

Majo, versprach ass versprach a gëtt och net gebrach. A wat fir e Verspriechen hunn ech vis-à-vis vun den Eisebunner geholl, Här Zanussi?

***(Interruption)***

Wat fir ee Vertrieder?

Ech wollt dem Här Zanussi, Här President, ganz kloer soen, dass d'Eisebunn duerch eent vun deenen zwee Gesetzer vun 1995 an 1997 d'Autonomie kritt huet, wat d'Gestioun ugeet. Wann een also d'Autonomie de gestion huet a wann eng Direction générale der Meenung ass, dass se misst am Intérêt vum Iwwerliewe vun der Gesellschaft eng Rei Mesuren huelen, da kann een net permanent, wann op eemol e Problem ass, soen: Ah jo, elo si mir net méi mat der Direktioun d'accord, elo muss de Stat erëm zréckkommen. Dat geet dach net!

Här President, ech hu kenger Eisebunnergewerkschaft iergendeppes versprach an deem Sënn. Duerfir kann ech kee Versprieche briechen, wat ech net ginn hunn. A bréngt mech net dozou fir an eng Logik eranzegoen an déi ech net wëll erakommen. D'Eisenbunn huet hir Autonomie de gestion, si behält se an dobäi bleift et. Dat do ass reng eng Questioun tëschent der Direktioun vun der Eisebunn an dem Lëtzebuerger Stat.

M. Marc Zanussi *(LSAP)*.- Dir erlaabt jo, Här Grethen, dass et do Leit gëtt, déi eng aner Aschätzung iwwert déi dote Situatioun hunn. A wann ech dat virdru gesot hunn, da vertrieden ech nach wie vor d'Meenung, dass eben d'Eisebunn trotz allem zu 94% dem Stat gehéiert, an dass déi Vertrieder, déi am Verwaltungsrot vun der Eisebunn sinn, weisungsgebonne sinn. Dir kënnt Iech also menger Aschätzung no, an ech bleiwen do dobäi, net aus der Responsabilitéit stielen andeem Dir sot: D'Eisebunn mécht wat se wëllt an dee Sozialkonflikt, deen do bevirsteet, ass eleng e Konflikt, deen tëschent der Direktioun an dem Personal ausgedroe gëtt. Do gëtt et dann eben ënnerschiddlech Aschätzungen, mä ech bleiwe bei menger.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- Wësst Der, Här President, wann net e Vertrieder vun der Demokratescher Partei Transportminister wär, mä et wär elo ee vun der sozialistescher Aarbechterpartei, deen dem Landesverband méi no steet, da géifen dithyrambesch Säiten am Signal publizéiert ginn iwwert déi excellent Politik, déi de Minister, well Dir hutt jo elo gesot de Minister wär verantwortlech fir d'Personalpolitik, gemaach hätt.

***(Brouhaha général)***

Här President, wa meng Kolleege vun der sozialistescher Aarbechterpartei esou nervös ginn, da wëssen si, Här President, firwat.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

1990 si bei der Lëtzebuerger Eisebunn 167 Leit engagéiert ginn. Et sinn der 176 an d'Pensioun gaangen. 1991 sinn der 151 engagéiert ginn an 154 sinn an d'Pensioun gaangen. 1992 goufen der 41 engagéiert an 196 sinn an d'Pensioun gaangen. 1993 goufen der 64 engagéiert an 155 sinn an d'Pensioun gaangen. 1994 goufen der 67 engagéiert an 135 sinn an d'Pensioun gaangen. 1995 goufen der 77 engagéiert an 130 sinn an d'Pensioun gaangen. 1996 goufen der 74 engagéiert an 161 sinn an d'Pensioun gaangen. 1997 goufen der 59 engagéiert an 130 sinn an d'Pensioun gaangen. 1998 goufen der 81 engagéiert an 113 sinn an d'Pensioun gaangen. 1999 goufen der op eemol, mä do ass de Mérite partagéiert, 115 engagéiert an et sinn der 111 an d'Pensioun gaangen.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- 2000 goufen der 211 engagéiert an et sinn der 120 an d'Pensioun gaangen.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- 2001 goufen der 164 engagéiert an 119 sinn an d'Pensioun gaangen.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- 2002 goufen der 180 engagéiert an 127 sinn an d'Pensioun gaangen.

Une voix.- Elo si se ganz roueg!

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- Här President, wann ee mer da seet dës Regierung wär verantwortlech, da muss ech mech quasi genéieren.

***(Hilarité et brouhaha général)***

Här President, ech beanspruchen net de Mérite, dass ënnert dëser Regierung méi Eisebunner bäikoume wéi der ewechgaange sinn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Dir hutt jo de Mérite net. Dir hutt selwer gesot Dir hätt de Mérite net!

***(Hilarité et brouhaha général)***

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- Här President, ech hu selwer hei gesot ech géif dee Mérite net beanspruchen. D'selwecht wéi ech awer och net wëll vun der sozialistescher Aarbechterpartei iwwert de Landesverband an e Sozialkonflikt mat eragezu ginn.

Plusieurs voix.- Très bien.

***(Interruptions)***

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- Här President, duerfir wëll ech soen, dass ech dat Spillchen do net wäert matmaachen.

Här President, Dir hutt an engem Bréif un d'Regierung geschriwwen, dass d'Regierung sech och scrupuleusement un d'Riedezäit hale soll. Ech hunn eng Rei vu Kolleegen, déi Froe gestallt hunn, wéi zum Beispill den Här Haupert, dee gefrot huet firwat déi geplangte Schinnenubannung Esch-Lëtzebuerg net parallell zur Autobunn féiert, mä iwwert d'Gare Esch. Meng Leit, also déi Spezialisten, déi mir hëllefen an déi och op der Eisebunn sinn a souguer déi Leit an de Bureaux d'études soe mir, dass et am Intérêt vum öffentlechen Transport wär, wann een deen Tracé géing iwwert d'Gare Esch huelen an Ausgang Schëffleng. Dat géif méi brénge wéi deen aneren Tracé.

Dann huet den Här Haupert och gefrot wéini d'Weiderféierung vu Belval-Mairie bis op Uewerkuer gemaach gëtt. Ech géif et gäre mar maachen, mä ech géif d'Chamber beléien, wann ech soe géif ech maachen et mar, well déi budgetär Mëttele feelen. Et ass eng Questioun vu Prioritéiten. An deem Plang, dee mer der Chamber virgeluecht hunn, respektiv wäerten an deenen nächste Woche virleeën, ass déi Ubannung virgesinn. Et ass also virgesinn do e Projet ze realiséieren, mä awer op der Zäitschinn kann ech keen Engagement huelen. De Projet läit éischter méi hannen, wéi dass e kéint méi no vir gezu ginn.

Et ass och monéiert ginn, dass ee misst eng gutt Ubannung vun de Friches industrielles, an domat ass Belval-West gemengt, un den öffentlechen Transport garantéieren. Ech kann der Chamber nach eng Kéier confirméieren, dass mer dat maachen, dass mer och do all Projet wäerte realiséieren. Mir hu just eng Meenungsdifferenz, besonnesch mat der Stad Esch, mä och e bësse mat der Gemeng Suessem, an dat ass déi: Féiere mer zousätzlech zu där Schinnentramverbindung, déi mer um Site hunn, Belval-Usine, Belval-Mairie, och nach do zousätzlech den Tram duerch den Terrain selwer?

Do soen d'Spezialisten erëm eng Kéier - ech gleewen deenen -, dass dat kee Sënn mécht an dass dat, wat mer duerfir bezuele missten, fir iwwert d'Rangéiergare vu Belval ze fueren, déi d'Sidérurgie och an Zukunft nach notzt, a wou jo, do muss ech drun erënneren, d'Mëtteleisestrooss Belval niewendru gebaut gëtt, en exorbitanten héije Präis wär. Ech kréien do gesot, dass eleng déi Infrastruktur op d'mannst 20 Milliounen Euro géif kaschten.

An da misste mer compte tenu vun den Dénivellementer an der Héicht bleiwen, wat den Erschléisser vum Terrain, d'AGORA, also absolut net arrangéiert a wat och fir de Client wéinstens déi éischt 20 Joer absolut kee Sënn géif maachen. Mir misste compte tenu vun der Topographie vum Terrain och nach virun deem neie Lycée, nenne mer e Bielesser Lycée, nach erausfueren, esou dass mer och d'Haiser hannen net besser kéinten erschléisse wéi mir se elo erschléissen iwwer Belval-Usine. E Rendez-vous ass duerfir gefrot gi mat de Vertrieder vun deenen zwou Gemengen a mat AGORA, wou mir dat dann am Detail diskutéiere kënnen.

Här President, ech hu versicht an där Zäit, déi mir zur Verfügung steet, fir hei op déi haaptsächlechst Froen anzegoen, fir d'Soucië vun dëser Regierung ze ënnersträichen, der Eisebunn, dem öffentlechem Transport, eng Zukunft ze ginn, eng Zukunft déi doranner besteet, dass mer massiv an Infrastrukturen investéieren, dass mer massiv neit Material bestellen.

Mä mir brauchen awer och d'Mathëllef an d'Zoustëmmung vun deene Leit, déi do schaffen. An déi Leit musse wëssen, dass och vun hinnen Efforte verlaangt ginn, dass och si mussen ëmdenken, dass och si musse mat der Zäit goen, a wann déi Erkenntnis bis do ass, da sinn ech iwwerzeegt dass d'Lëtzebuerger Eisebunn och an engem liberaliséierten europäesche Kontext eng Zukunft huet.

Här President, dann nach zu deene véier plus eng Motiounen, déi agereecht gi sinn. Ech ka leider keng vun deene Motiounen unhuelen. Déi éischt Motioun verlaangt, dass ee soll eng Augmentation de capital bei der Eisebunn virhuelen, ech si schonn op déi Fro agaangen, an ech hu schonn ënnerstrach, dass d'Regierung, de Budgetsminister, der Eisebunn d'Autorisatioun ginn huet, fir iwwer en Emprunt mat Statsgarantie dat Material, wat elo a Bestellung ass, ze finanzéieren.

Fir eng Ubannung, do wëll ech hei och net eng Motioun unhuelen, déi d'BTB-Diskussioun erëm eng Kéier opflame léisst, respektiv mech an e rigide Carton erabeginn, mat Contrainte vun Zäit a vu Moyenen, wou ech déi Engagementer net kann huelen.

Déi drëtt Motioun ass eng Motioun nodeem ech, mengen ech, hei opgezielt hunn, wat mer alles amgaang sinn ze maachen, a wou den honorabelen Här Bausch och d'Regierung kann dorunner moossen, ob se dat, wat déi Reglementer ugeet, an deenen nächste Méint wäert maachen. An ech géif dann den Här Bausch bieden, déi Motioun net zur Ofstëmmung ze bréngen, respektiv misst ech soen dass se superfétatoire ass.

Dann déi lescht Motioun vum Här Bausch: „à agir en actionnaire responsable…". Jo, de Lëtzebuerger Stat wäert sech als Actionnaire responsable behuelen, mä „…à s'engager pour le respect des accords conclus", jo, d'Lëtzebuerger Regierung wäert déi Accorden, déi si ofgeschloss hunn, respektéieren, mä si hält awer op d'Autonomie de gestion vun der Direktioun, wat d'Entreprise ugeet, an dofir kann ech och dës Motioun net unhuelen, ganz besonnesch wann hei eng Tripartite sectorielle gefrot gëtt, wann et hei am Land aräisst.

Ech hu verstaanen, dass, wéi mer an der Sidérurgie virun engem Ofbau stoungen, deen dramatesch war, vun 30.000 Arbeitnehmer erof op haut knapp 4.000, mer do alleguerten zesummen am Kader vun enger Tripartite gekuckt hu fir d'Problemer ze léisen. Wa mar - wat et net ass, dat wëll ech betounen - en Ofbau géif op der Eisebunn ustoen, vun 3.000 op 1.000, selbstverständlech wäre mer dann alleguerte gefuerdert.

Dat steet net zur Debatt, a wann déi Strategiepläng, déi d'Eisebunn amgaangen ass auszeschaffen, bis emol eng Kéier definitiv ofgeseent sinn, an da presentéiert ginn, da wäert ee gesinn, dass ee wuel net laanscht en Ofbau kënnt, mä dass ee gläichzäiteg Leit mat neie Kompetenze muss engagéieren, dass et also muss zu enger Mutatioun vun der Eisebunn kommen. A fir elo schonn eng Tripartite ze verlaangen, wann ech hei de Gewerkschaftsfuerderungskatalog gelies hunn, mengen ech, dass dat op alle Fall zu dësem Moment verfréit ass.

Ech mengen d'Motioun 5, agereecht vum Här Zanussi, déi eigentlech eppes Ähnleches freet, wéi dat an der Motioun 4 ass, dat mat deene selwechten Argumenter ofzeleenen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert déi agereechte Motiounen. D'Motioune si schréftlech verdeelt ginn, déi se eragereecht hunn, hu se explizéiert, den Här Minister huet geäntwert an ech menge mir kéinten direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

***Motion 1***

Mir stëmmen also elo of iwwert d'Motioun 1.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass mat 41 Nee- an 19 Jo-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Clement), Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nicolas Strotz) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Niki Bettendorf), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Théo Stendebach), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

***Motion 2***

Da komme mer zur Motioun 2.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 2 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass mat 40 Nee- an 19 Jo-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Xavier Bettel), MM. Gusty*

*Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

***Motion 3***

Dann d'Motioun 3.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 3 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 3 ass mat 41 Nee-, 18 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun ofgeleent.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Nico Loes), Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Xavier Bettel), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

***Motion 4***

Da komme mer zur Motioun 4.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 4 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 4 ass mat 40 Nee- an 19 Jo-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jean-Pierre Klein (par M. Jean Asselborn), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Niki Bettendorf), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

***Motion 5***

An da komme mer zur leschter Motioun 5.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 5 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 5 ass mat 40 Nee- an 19 Jo-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jos Scheuer), Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Lydie Err) et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Claude Wiseler), Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Niki Bettendorf), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Théo Stendebach), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Dir Dammen an Dir Hären, domat wäre mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächste Sitzung ass iwwermar, den Donneschden den 8. Mee, a fänkt nomëttes um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.34 heures)***

## JEUDI, 8 MAI 2003 — 52E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. Communications
2. Etablissement d'une liste de trois candidats pour un poste de Conseiller d'Etat
3. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR au sujet de la mortalité des hêtres

   *(Discussion générale)*
4. 4976 - Projet de loi portant approbation - de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Hongrie sur la coopération dans le domaine du tourisme, signée à Budapest, le 3 novembre 1995 - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de Malte sur la coopération dans le domaine du tourisme, signé à la Valette, le 16 octobre 1992

   *(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
5. 5057 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et l'ancienne République yougoslave de Macédoine, d'autre part, et l'Acte final y afférent et de l'échange de lettres remplaçant la signature de l'Accord, signé à Luxembourg, le 9 avril 2001

   *(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
6. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden, Henri Grethen, Charles Goerens et François Biltgen, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.33 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Matdeelung ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

### 1. Communications

Ech wollt der Chamber folgend Kommunikatioune maachen:

1) Madame Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 7 mai 2003, le projet de loi N° 5126 portant approbation de l'amendement à la Convention internationale sur l'élimination de toutes les formes de discrimination raciale, signée à New York, le 7 mars 1966, adopté à la quatorzième Réunion des Etats parties à la Convention le 15 janvier 1992.

2) En date du 6 mai 2003 a été introduite la pétition N° 249 «Appel fir d'öffentlech Schoul».

### 2. Etablissement d'une liste de trois candidats pour un poste de Conseiller d'Etat

Esou wéi d'Gesetz vum 12. Juli 1996 iwwert d'Reform vum Statsrot an d'Artikelen 116 bis 130 vum Chamberreglement et virgesinn, stelle mer haut eng Lëscht op vun dräi Kandidate fir e Posten am Statsrot.

D'Lëscht vun de Kandidaturen ass un all Deputéierte verdeelt ginn.

No den Dispositioune vum Artikel 122 vum Chamberreglement huet d'Presidentekonferenz an hirer Réunioun vu gëschter eng Kandidatelëscht mat siwe Persounen arrêtéiert. Dat sinn an alphabetescher Reiefolg:

1. Mme Michèle Boz-Retter, juriste, fonctionnaire d'Etat
2. M. Romain Diederich, docteur en géographie
3. Mme Rita Hellinckx-Reichling, avocat à la Cour
4. M. Ady Jung, député
5. M. Marc Thewes, avocat à la Cour
6. Mme Sandrine Van Loo, médecin-dentiste
7. M. Guy Vitali, secrétaire syndical.

An engem Schreiwes, dat haut de Mëtteg um 13.56 Auer per Fax um Greffe ukomm ass, huet den Här Guy Vitali matgedeelt, datt e seng Kandidatur zréck zitt.

D'Chamberreglement gesäit vir, datt d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Et däerf also net par procuration ofgestëmmt ginn. Nëmmen d'Voten iwwert déi offiziell déposéiert Kandidature si valabel. D'Wahl vum Kandidat erfollegt duerch eng absolut Majoritéit, woubäi déi blank an ongülteg Wahlziedelen net a Betracht gezu ginn.

Wa beim éischten Tour kee vun de Kandidaten déi absolut Majoritéit krut, kënnt et zu engem Ballottage, an deem déi zwee Kandidate vertruede sinn, déi am éischten Tour déi meeschte Stëmme kritt hunn. Am Ballottage geet eng einfach Majoritéit duer. Bei Stëmmegläichheet am éischten Tour kënnt et zu engem Spezialtour fir d'Kandidate fir de Ballottage ze désignéieren. Bei Stëmmegläichheet am Ballottage entscheet d'Lous. Et gëtt also fir jiddfer Kandidat eenzel ofgestëmmt.

Mir fänken un a wielen den éischte Kandidat.

Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Ganz kuerz, ech mengen, esou wéi Dir dat erkläert hutt, wiele mer elo dräi Oppositioune fir an de Conseil d'Etat. Ech wëll just soen, datt mir als ADR fir den éischte Posten d'Madame Michèle Boz-Retter ënnerstëtzen, fir den zweete Posten d'Madame Rita Hellinckx-Reichling a fir den drëtte Posten d'Madame Sandrine Van Loo. Mir wäerte bei deenen dräi Wahlgäng esou stëmmen.

M. le Président.- D'Stëmmziedele si verdeelt. De Vote geschitt par Appel nominal.

Dir Dammen an Dir Hären, hei ass d'Resultat vun der Ofstëmmung.

Et hunn 52 Deputéieten ofgestëmmt. D'absolut Majoritéit läit also bei 26.

Et hu Stëmme kritt:

d'Madame Boz-Retter: 13,

den Här Ady Jung: 34,

den Här Marc Thewes: 4

an 1 Ziedel ass ongülteg.

Domadder ass den Här Ady Jung gewielt als éischte Kandidat.

Domadder wier also dee Wahlgang erlaanscht.

Mir mussen ee Moment waarden, bis mer zur Wahl vum zweete Kandidat kommen.

Huet jiddfereen e Stëmmziedel?

Mir sammelen elo d'Stëmmziedel a fir den zweete Kandidat. Et geet erëm eng Kéier an alphabetescher Reiefolleg.

Hei ass d'Resultat fir den zweete Kandidat. Am Total hu 55 Deputéierten ofgestëmmt. 55 Stëmmziedele si valabel. Déi absolut Majoritéit ass 28.

Hu Stëmme kritt:

den Här Thewes: 41,

d'Madame Boz-Retter: 1,

d'Madame Hellinckx-Reichling: 11

an den Här Diederich: 2.

Den zweete Kandidat ass also den Här Marc Thewes.

Mir stëmmen elo iwwert den drëtte Kandidat of.

Huet jiddfereen e Stëmmziedel kritt an och ausgefëllt?

***(Assentiment)***

Mir sammelen d'Stëmmziedelen an.

Hei ass d'Resultat vum Vote fir den drëtte Kandidat.

Et hu sech der 55 un der Ofstëmmung bedeelegt, et waren zwee Bulletins blancs an 53 valabel Bulletinen. D'absolut d'Majoritéit ass also 27.

Et hu Stëmme kritt:

den Här Romain Diederich: 37,

d'Madame Sandrine Van Loo: 13,

d'Madame Michèle Boz-Retter: 1,

an d'Madame Rita Hellinckx-Reichling: 2.

Domadder ass dann den Här Romain Diederich de Kandidat Nummer dräi.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder hätte mer dee Punkt vum eisem Ordre du jour ofgeschloss. Mir géingen dann zum nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung iwwergoen.

An do hu mer virgesinn haut de Mëtteg, dass den Här Gast Gibéryen, am Numm vun der Fraktioun vum ADR, eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Stierwe vun de Bichen ugefrot huet.

D'Riedezäit ass nom Artikel 78 vum Chamberreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir:

Der Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktioune jeeweils fënnef Minutten, der Sensibilité politique zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Loes, Wohlfart, Graas, Mehlen, Gira an Urbany.

D'Wuert huet elo den Här Robert Mehlen als Vertrieder vun der Fraktioun vum ADR, déi dës Aktualitéitsstonn ugefrot huet.

## 3. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR au sujet de la mortalité des hêtres

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn dës Heure d'actualité ugefrot, opgrond vun enger Demande, déi aus dem betraffene Milieu komm ass, wou Leit, déi an deem Secteur schaffen, gemengt hunn, et wär absolut noutwendeg dass d'Chamber sech och géing mat deem Problem do befaassen.

Dofir wollt ech virop d'Fro stellen: Ass dee Problem esou wichteg, dass d'Chamber sech muss domadder auserneesetzen? A kann d'Chamber, d'Politik, eppes zur Léisung vum Problem bäidroen?

Dofir wollt ech ganz generell a menger Introduktioun soen, datt d'Valeur vum Bësch normalerweis dobausse krass ënnerschat gëtt. Souwuel…

***(Interruption)***

Et sinn anscheinend Saachen, déi de Moment nach wichteg sinn, déi kommentéiert ginn. Ech wollt awer zréck…

***(Interruption)***

Här President, ech fuere virun.

M. le Président.- Jo, Här Mehlen, fuert weider.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Net fir Är Zäit ze gaspilléieren, mä ech wär frou wann e bësse géing nogelauschtert ginn.

D'Valeur vum Bësch, souwuel wat seng ekonomesch Valeur ubelaangt wéi säin Afloss op d'Klima, op d'Nidderschléi, seng Funktioun als Loftfilter, als Régénérateur vun der Loft, als Bindung vum $CO_2$, an ech mengen och seng récréative Valeur a positiven Afloss op d'Landschaftsbild; dat just fir ganz graff de Wäert vum Bësch ze situéieren.

Mä et soll een och de Potentiel économique net ënnerschätzen. Leider, muss ee soen, ass dat an der Vergaangenheet vill ze vill geschitt, well - mir wëssen et alleguerten - de Pëtrol déi méi bëlleg Alternativ ass. An trotzdeem kann de Wäert vum Bësch, deen hei am Land ronn eppes méi wéi een drëttel vun der Landesfläch ausmécht, net héich genuch ageschat ginn. Et gëtt ee Spréchwuert wat seet: „Stirbt der Wald, stirbt auch der Mensch", an dat kann een net méi wéi ënnersträichen.

A wann een da weess, wat fir eng Importenz d'Buchen an eise Bëscher hunn, da kann de Problem vum Buchestierwen een net kal loossen. Si sinn eigentlech d'Réckgrat vun eise Mëschwaldbestänn, hunn och domadder Afloss op all déi aner Espècer, déi do wuessen. D'Buch ass bei eis eng Espèce, déi natierlech hei doheem ass.

En ass mat Sécherheet vu méi enger grousser Envergure wéi verschidden aner Kränkten am déieresche Beräich, mat deene mer eis regelméisseg beschäftegen. Just hei gëtt effektiv net vill driwwer geschwat an déi Leit, déi um Terrain mat där Problematik befaasst sinn, déi stinn iergendwou e bëssen am Schiet.

Ech muss awer soen, datt am Rapport, esouwuel vum Landwirtschaftsministère wéi vum Ëmweltministère, e gréissert Kapitel der Problematik vum Buchestierwe reservéiert ginn ass. Et gëtt geschwat vun enger neuartiger Buchenkomplexkrankheit. De Phenomeen ass gutt do beschriwwen. Ech géing jidderengem, dee sech dofir interesséiert, recommandéieren dat ze liesen. Et ass gutt beschriwwen an och ganz plastesch duergeluecht, wat bis elo an där Matière ënnerholl ginn ass. Ech wëll déi Leit vun hei aus félicitéiere fir déi excellent Aarbecht, déi do gemaach ginn ass.

De Phenomeen ass deen, datt eng Partie Insekten, vläicht net direkt als primären, mä éischter als Deelausléiser vun enger Kettereaktioun an Erscheinung trieden. Do gëtt genannt de Laubnutzholzborkenkäfer, anerer soen d'Buchenholzschildlaus géing als Virleefer an Aktioun trieden. Déi Schadinsekte schleefen de Pilz an de Bam eran, an d'Beem si leschten Enns zum Ofstierwe condamnéiert.

Et ass festgehalen, datt et sekundär Schädlinge wären, mä, an dat fënnt een a verschiddene Literaturen erëm, datt eigentlech de Phenomeen nëmmen da kann optrieden, wann d'Beem schonn iergendwéi virgeschiedegt sinn. Et gëtt Wëssenschaftler déi soen, datt eigentlech keng, wéi ee kënnt mengen, kärgesond Beem kéinte befall ginn.

D'Krankheet ass fir d'éischt ëm d'Joer 2000 an der Belsch registréiert ginn, huet sech awer ganz séier ausgebreet a gëtt de Moment als eng grouss Gefor ugesinn. Ech zitéiere just e Saz. Et gëtt geschwat vun enger „besorgniserregenden Erkrankung der Rotbuche. Der Erhalt und die Entwicklung dieser an die Buche gekoppelten europaweit bedeutsamen Lebenstypen ist in Gefahr." Et besteet eng ganz akut Gefor an deem Zesummenhang.

Vun der Ausbreedung aus der Belsch si mir zu Lëtzebuerg haaptsächlech betraff, wat d'Bëscher am Norden an am Westen ugeet. Genannt ginn d'Kantonementer vu Wolz, Dikrech a Miersch. Selbstverständlech d'Wallonie, Rheinland-Pfalz, d'Saarland zum Deel. A Frankräich ass et och scho wäit virgeschrat bis op Verdun a Bar-le-Duc.

Fir 2002, dat Joer dat mer jo schonn hannert eis hunn a wat och am Rapport opgefouert gëtt, gëtt gesot, datt wierklech e gefëierlecht Uwuesse vum Phenomeen ze beobachte wär, an datt een eigentlech schwéier kënnt soen, wou dat géing hifëieren.

De Problem fir déi Leit, déi Bëscher hunn, esouwuel d'öffentlech Hand wéi d'Privatbesëtzer, ass, datt een de Schued relativ spéit gesäit an datt d'Holz da praktesch nëmme méi als Brennholz ze verwäerten ass, woraus sech ganz besonnesch fir déi Privat enorm Perten erginn, dat ëmsou méi well den Holzmaart zënter Joren um Buedem läit an Holz sech eigentlech net méi gewënnbréngend verkafe léisst.

Ech wollt e Wuert verléieren iwwert d'Ursaachen. Et gëtt gesot vun de Leit um Terrain, et wären nach keng ofgeséchert Erkenntnisser, déi géinge virleien. D'Fro steet am Raum inwiefern Ëmweltaflëss a virun allem, an et schéngt mer berechtegt ze sinn, d'Versauerung vun de Biedem géing matspillen. Et kann een effektiv feststellen, datt d'Biedem, déi vun Natur aus en niddrege PH-Wäert hunn, déi duerch zousätzleche Säureneintrag - wann ech dat däitscht Wuert däerf gebrauchen - weider versauere bis hin zu engem Ernährungsmangelzoustand bei de Beem, esou datt dat plausibel schéngt, datt dee Facteur kéint bei der primärer Schiedegung vun de Beem mat spillen.

Et gëtt eng Etüd, déi un der Uni Bayreuth gemaach ginn ass, Juli 1995 bis Juli 1999, wou si jiddefalls soen, datt „eine zumindest angespannte Versorgung mit Kalium, Phospor, insbesondere Magnesium im Verhältnis zu Stickstoff zu erkennen wäre. Die Bodenanalysen ergaben Beziehungen zwischen dem Grad der Versäurung und dem Kronenzustand." Wat jo en Indikator dozou ass, wéi gesond datt d'Beem sinn, a si soen et misst een dat „als wesentlicher prädisponierender Faktor einer Buchenschädigung berücksichtigen". Do hätte mer dann emol als Ëmweltaflëss ee Faktor, deen héchstwahrscheinlech mat spillt. Et gëtt och nach anerer. Mir kënnen eis erënneren, datt opgrond vu ganz niddregen Nidderschléi 1975 an 1976 ganz vill Buche futti gaange sinn, well se esou primär geschiedegt waren, datt Schädlingen e liicht Spill haten.

Eng aner Fro ass déi: Bleift ze vill Holz an de Bëscher leien, well d'Leit net méi esou op d'Holz ugewise si wéi dat fréier de Fall war, an et sech net méi rentéiert dat Klengholz all opzeschaffen? Do ginn d'Meenungen auserneen. Et gëtt awer Recommandatiounen, besonnesch an Däitschland hunn ech fonnt, déi soen, datt d'Bëscher „müssen ausgeräumt werden - saubere Wirtschaft". Souguer d'Lagerung vu befallenem Holz ass a Fro gestallt: „Bestandesränder über Ende Mäerz hinaus sind zu vermeiden", well de Schädling vun do aus nei Beem kéint befalen. Dat ass vläicht éier eng praktesch Diskussioun, mä heiansdo och eng ideologesch Diskussioun.

D'Fro ass: Wéi kann een un de Problem erugoen?

Éischtens, de Studium vum Phenomeen esou gutt wéi méiglech forcéieren, well eng ganz Partie Erkenntnisser nach net virleien. Et steet och am Rapport, datt beim Kiewerlék, deen haaptsächlech un der Schiedegung bedeelegt ass, et net genuch erforscht wär wéi en agéiert a wéi e sech développéiert.

Zweetens, d'Stäerkung vum Gesondheetszoustand vun de Buche ganz allgemeng. Dat huet natierlech mat eiser globaler Politik ze dinn, Energievergeudung an esou weider. Et huet och mam Asaz vu Chemikalien ze dinn, déi deelweis iwwert den Nidderschlag op d'Beem awierken, wéi och mam Versauere vum Buedem.

Déi direkt kurativ biologesch Bekämpfung vum primäre Schädling, dat ass eng ganz interessant Filière un där studéiert gëtt, déi een och muss encouragéieren. Ech hoffen, datt do geschwë Resultater derbäi erauskommen.

En anert Thema schéngt mer ze sinn, datt ee soll probéieren esou wäit wéi méiglech vu Monokulturen ewech ze kommen. Mir hu bei den Dännen oder de Fichte gesinn, zu wat et ka féiere wann de Borkenkäfer Iwwerhand kritt. Wa Schädlinge sech spezialiséiert hunn, ass et natierlech méi sënnvoll wann ee méiglechst vill Espècen duerchernee stoen huet, fir datt esou Epidemien, wann een et esou kann nennen, sech eigentlech net esou séier kënnen ausbreeden, well zum Beispill an dësem Fall d'Buchen net als Rengbestand do stinn. Dat sinn natierlech Moossnamen, déi een net kuerzfristeg kann huelen.

Da gëtt gesot, et soll een d'Bestänn net iwweraltere loossen. Mir hätten ëmmer eng falsch Astellung gehat, doduerch datt mer gemengt hunn, mir misste ganz al Bestänn erunziichten. Haut ass och do eng Ännerung vun der Philosophie erfollegt, datt gesot gëtt, et soll een d'Beem vläicht net ze vill al gi loossen, wou se och méi ufälleg ginn a probéiere méi Alterskategorien an engem Bestand ze hunn.

Beim Punkt, dat doudegt Holz am Bësch loossen, ginn d'Meenungen e bëssen auserneen.

Här President, ech wollt awer virun allem d'Hëllefen uspriechen, déi ee misst de Propriétairen zoukomme loossen.

M. le Président.- Här Mehlen, Är Zäit ass ëm. Huelt Der d'Zäit vun der Fraktioun mat?

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Selbstverständlech, Här President. Ech sinn awer direkt fäerdeg.

Här President, mir hunn eng Auer hei, mä déi leeft net. Ech kucken drop, awer et steet ëmmer null do.

M. le Président.- Et ass an der Rei. Fuert wann ech glift virun. Déi aner Deputéierten am Sall solle roueg sinn a lauschteren.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- D'Hëllef fir d'Propriétairen. Mir wëssen, datt de Privatbësch ronn 50% ausmécht a mir mussen de Privatbësch als ekonomesche Faktor erhalen. Dofir kann een déi Leit net an där Problematik, wou se elo dra sinn, eleng loossen. Mir wëssen, datt d'Holzpräisser ganz niddreg sinn an datt ee muss eng Politik maachen, och laangfristeg, vun der konsequenter Notzung vum Holz als Energielieferant, alternativ zu deem wat bis elo do war. Den Holzmaart ass schlecht, an dofir soll een nei Débouchéë schafen, déi interessant sinn, déi de Bësch och ekonomesch interessant maachen, an da gëtt och erëm méi an där Richtung geschafft.

Et muss een och d'Fro opwerfen: Wat ass da besser fir eis national Ekonomie, Mazout vu baussen importéieren oder Eegenenergie notzen, och wa se esouguer e bësse méi deier ass?

Mir brauchen Hëllef fir d'Verwäertung vun deem kranken Holz, well de Moment sinn d'Präisser ënnert de Käschte fir et erauszehuelen. A wann déi krank Beem an de Bëscher bleiwen, dann ass natierlech der Verbreedung vum Schädling keng Grenz gesat. Mir brauchen och nei Strategien an och Hëllefe beim Uplanzen.

Meng Froen un d'Regierung: Wéi geet et weider an der Bekämpfung vun deem Phenomeen, deen eis alleguer muss grouss Suerge maachen? Et stellt ee fest, datt déi Leit um Terrain e ganz groussen Engagement un den Dag leeën.

Ech widderhuelen et nach eng Kéier: Wat fir eng Laangzäitstrategie denkt d'Regierung deem Phenomeen do entgéint ze setzen? A wéi gedenkt se de private Propriétairen ënnert d'Äerm ze gräifen?

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Nico Loes *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Mehlen ass elo op eng Problematik agaangen, wou deen een oder aneren héchstwahrscheinlech e bëssen déiselwecht Iwwerleeungen huet, well en och deelweis déiselwecht Ënnerlagen huet. Mä ech mengen, et ass awer en Thema, dee ganz wichteg ass.

De Bësch spillt eng wichteg Roll als Ökosystem, als Rohstoffliefierant an och als Fräizäitgebitt. Bei ronn véier Milliarden Hektar Bësch, déi mer op der Welt hunn, spillt eise Bëschbestand mat ronn engem Drëttel vun 2.586 $km^2$ vläicht nëmmen eng kleng Roll, mä awer eng ganz wichteg.

Ee kuerze Bléck op den europäesche Waldschadensbericht vun 2002 weist, datt et net zum Beschten ëm eis Bëscher bestallt ass. Net manner wéi iwwer 200 europawäit Analyse vun eise Bëscher beleeën, datt ongeféier 25% vun ënnersichte Baamkroune geschiedegt sinn. Doriwwer eraus wierke sech d'Stickstoffkonzentratiounen negativ op d'Aartevielfalt an eise Bëscher aus, an dat virun allem op d'Käschte vu méi schwaache Pflanzen. Op net manner wéi 58% vun de Bëschflächen ass d'Aartevielfalt a Gefor, an op 45% vun de Flächen ass mat enger Destabiliséierung vun de Beem ze rechnen. Op engem Drëttel vun de Flächen ass d'Funktiounsfäegkeet vun de Baamwuerzelen duerch een iwwerhéichte Sairewäert beaträchtegt.

Zu dëse Problemer, déi sech un all europäesch State riichten, gesellt sech säit dem Summer 2000 eng aner Krankheet, déi virun allem an eiser Regioun fir vill Kappzerbrieches suergt. Et handelt sech heibäi ëm déi sougenannte Buchekrankheet. Dës Krankheet erstreckt sech vun de Ardenne bis an d'Sauerland, mat engem Schwéierpunkt vu Schied an de belschen Ardennen, wou bis zu 20% vun de Bëscher betraff sinn. D'Schied trieden op bei Buchen iwwer 40 Joer an haaptsächlech awer bei 120-jährege Albuchen.

An deene betraffene Bëschkomplexer kënne bis zu 70% vum Bestand befall sinn. A Rheinland-Pflalz louchen d'Schied vun dëser Krankheet am Joer 2000 bei ronn 7.000 Festmeter. A laut Schätzunge vu belsche Forstleit si ronn 1.000.000 Festmeterbuche méi oder manner duerch dës Krankheet beschiedegt. Dat sinn ëmmerhin 13% vum Bëschbestand an der Wallonie.

Déi neiaarteg Buchekomplexkrankheet befält virun allem Routbuchen, déi no an no ofstierwen. Si befält no Erkenntnisser vun der Forstverwaltung all Altersklassen, all Standuerter, a meeschtens sinn déi betraffe Beem iwwert de ganze Bestand verdeelt. Als Symptomer gëllen ofstierwent Äscht am ënneschte Krouneberäich, Schleimausfloss a schwaarz verfierftent Mooss um Stamm. An enger zweeter Phas, wann de Bam scho massiv geschwächt ass, kënnt et zum Befall duerch parasitär Käferen, déi sech am Holz festsetzen, a sech dann och vermehren. Nom aktuelle Wëssensstand sinn dës Käferzorten, a virdru si se schonn eng Kéier genannt ginn, de Buchennutzholzborkenkäfer an de Bohrkäfer. Déi setze sech a kenge gesonde Buche fest, well sech d'Frëschholz net fir hir Näschter eegent. Et gëllt also an der Haaptsaach erauszefannen, wat d'Beem esou schwächt, datt sech dës Schädlingen esou massiv kënnen ausbreeden. Well duerch dës Krankheet verléiert de Bam seng mechanesch Festegkeet, wat de Wäert vum Holz fir weider ze veraarbechte géint null tendéiere léisst. Da kann een net méi vu Schnëttholz schwätzen, mä nach just vu Brennholz.

D'Ursaachen heivu sinn nach net ganz gekläert. Dat ass och scho vum Interpellant virdru gesot ginn.

Et ginn eng Rei Hypotheesen opgestallt, zum Beispill ënnerschiddlech Schadstoffer, Strahlenenergie, d'Wiederbedingunge vun Dréchent an dann ze vill Niddderschléi, Temperaturschwankungen, ongënschteg Standuerter, d'Versauerung vun de Biedem, Epidemien, verschidde Forme vu Waldbewirtschaftung, an och gëtt heiansdo opgeworf, datt mer ëmmer méi Totholz am Bësch leie loossen, ob dat net och vläicht en Deel oder eng Ursaach wär vun där Krankheet.

Uganks Februar 2003 huet d'Forstverwaltung an hirem ausféierlechen Etat des lieux e puer Moossname skizzéiert, déi virun allem drop hinzile fir déi parasitär Käferen ze kontrolléieren an anzefänken. An déi hunn an engem Zäitraum vu fënnef Méint bis zu 340.000 Borkenkäfer gefaangen. Am Duerchschnëtt komme pro Standuert 20.000 bis 30.000 där Käfer zesummen. Dat ass och vläicht nëmmen e bescheidenen Erfolleg, mä léisst sech awer virun allem un der Tatsaach festmaachen, datt de Borkenkäferbefall am Laf vum Joer 2002 däitlech zougeholl huet.

D'Unzuel vun de Champignonen, déi d'Buche befall hunn, ass och rasant an d'Luucht gaangen, well se liicht duerch d'Abuerlächer an de Beem gelannt sinn a sech do ongestéiert ausbreede kënnen.

Am August 2001 hat den Här Minister op eng parlamentaresch Ufro geäntwert, datt déi Situatioun zumindestens zu deem Zäitpunkt net alarmant wär. Doriwwer eraus géif sech de finanzielle Schued nach a Grenzen halen. Den Ëmweltminister hat dunn eng Etüd duerch d'Forstverwaltung an Optrag ginn, déi elo virläit, an déi éischter een ernüchternde Bilan opzeechent. Opgrond vun dëser Etüd, a si ass virdrun och schonn opgefouert ginn, an ech muss soen, datt och do eng gutt Aarbecht gemaach ginn ass, gëtt d'Ausmooss vun deenen ënnerschiddleche Symptomer un de Buchen am Zäitraum tëschent dem Hierscht 2001 an 2002 festgehalen, an et gëtt och gemierkt, dass se do staark zougeholl hunn. An opgrond vun dëser Etüd stelle sech eng Partie Froen, déi sech deelweis och mat deene Froen decken, déi virdru gestallt gi sinn.

1. Wat fir Méiglechkeete loosse sech aus de Konklusiounen an aus der Etüd vun der Forstverwaltung ofleeden?

2. Wat kann nach zousätzlech zu den uewe beschriwwene punktuelle Moossnamen um Niveau vun der Buchekrankheet gemaach ginn?

3. Wéi ass et mat der Kooperatioun tëschent den Autoritéite vun deene betraffene Gebidder am Ausland an hei am Land? Ob et do och zu engem Austausch tëschent deenen eenzelnen Erkenntnisser kënnt, a wat fir Méiglechkeete besti fir gemeinsam Moossnamen ze ergräifen?

An dann ass jo nach ee Volet, deen och muss ervirgestrach ginn Dat ass dee finanzielle Volet, wou och speziell fir Privatbëschbesëtzer am Règlement grand-ducal vum Oktober 1995 virgesinn ass, datt de Montant, ech zitéieren dat: „Le montant des subventions prévues ci-dessus est doublé pour les travaux de reboisement exécutés à la suite de calamités naturelles." Wéi wäit kënne mer do goe mat der Entschiedegung? Menger Meenung no wär et gutt, wa mer eis och mat deene concernéierte Milieuxën zesummen un een Dësch géife setzen, fir mat der Forstverwaltung, mat de Privatbëschbesëtzer a mat de Gemenge kucken eng Léisung an dësem leidegen Thema ze kréien.

Ech soe merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Georges Wohlfart agedroen. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

***(Interruption)***

M. Georges Wohlfart *(LSAP).*- Wann Dir mer nolauschtert, Här Scheuer, sécher net!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter méi wéi zwee Jorzéngten ass den Thema vum Bëschstierwen hei zu Lëtzebuerg en Thema, an ech ka mech nach ganz gutt drun erënneren, wéi mer hei virun 18 Joer eng éischt Debatt haten an der Chamber iwwert d'Bëschstierwen. Et ass duerno duerch eng Rei Moossnamen, déi getraff gi sinn, e bësse méi roueg ginn an deem Sujet bis, wéi meng Virriedner, den Interpellant, den Här Robert Mehlen, an och den Nico Loes et scho gesot hunn, virun zwee Joer eng nei Form vun Erkrankung, zumools bei de Routbuchen, entstanen ass.

Wa meng Informatioune richteg sinn, ware fir d'éischt ons Noperen aus der Wallonie domat befaasst am Joer 1998, an déiselwecht Symptomer gesi mer a Rheinland-Pflalz an och an Deeler vu Frankräich.

Et muss ee feststellen, dass virun allem Plateaulagen, déi iwwer 350 m héich sinn, betraff sinn, an d'Schied sinn och vu Bestand zu Bestand, esou wäit ech dat emol konnt noliesen, ganz ënnerschiddlech.

Et sinn hei schonn Zuele genannt ginn wat Ostbelgien ugeet, wou konnt festgestallt ginn am Joer 2001, dass ronn 13% vum gesamte Bestand u Routbuchen hei betraff wären. An Däitschland schéngen déi Zuelen awer wäitaus méi niddreg ze leien.

Zu Lëtzebuerg, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, konnt ech nach keng viabel Zuele liesen. Et wäert sech ongefeier an deeneselwechten Ausmoossen hale wéi dat bei onseren Noperen de Fall ass, dat heescht, 1-9 vun de Beem si befall pro Hektar. Dofir wär et och vläicht gutt, dass mer, wann dat méiglech ass, vun deenen zoustännege Regierungsvertrieder nach zousätzlech Informatioune kréichen, wat dann elo de genaue Bestand ass.

D'Verbreedung ass och schonn ugeschwat ginn hei zu Lëtzebuerg, virun allem an de Bezierker Dikrech, Miersch a Wolz. Et muss een awer och drop hiweisen, dass op der Musel eng Rei Fäll signaléiert gi sinn, déi awer aner Symptomer opweisen, wéi déi typesch nei Symptomer, déi schonn am Detail vu menge Virriedner beschriwwe gi si, bei der rouder Buch ausléisen, wouraus een net soll schléissen, dass do kee Problem besteet, mä menger Meenung no awer kann ee sech d'Fro stellen, ob och net do dat mat engem Zeeche vun enger allgemenger Schwächung vum Buchebestand hei zu Lëtzebuerg ze doen huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deene leschte Jorzéngten, géif ech soen, si mer hei zu Lëtzebuerg ewech komm vun engem Fiichtebestand, deen d'Iwwerhand hat, wou et zwar e schnellen Ertrag ginn ass, mä wou villfälteg ökologesch Problemer entstoe konnten, virun allem doduerch dass se a Lagen ugeplanzt gi sinn, déi sech iwwerhaapt net duerfir gëeegent hunn.

Et ass am Fong geholl duerch d'Routbuch, duerch hir eminent ökologesch Wichtegkeet wat de Stoffwiesselhaushalt ugeet, datt erreecht gi konnt, datt d'Zuel vun de Mëschbestänn an eise Bëscher an d'Luucht gaangen ass, wat am Fong geholl eng positiv Entwécklung ass. Et gi Leit, déi mengen, dass déi rezent Entwécklung dëse positiven Trend kéint a Fro stellen. Ech mengen, d'Tatsaach ass jo déi, dass dat Ganzt e schnellen a grousse Wäertverloscht vum Holz mat sech bréngt, wat jo fir de Bëschbesëtzer net vu klenger Bedeitung ass.

Laut Aussoe vun den Expäre feelen nach eng ganz Rei Ursaachen, déi mer an der Zukunft kläre mussen. Et ass also net einfach Prognosen ze maachen iwwert dat weidert Ausmooss vun de Schied, iwwer hir Auswierkungen op d'Biodiversitéit an eise Bëscher, iwwert dat natierlecht Ëmfeld an esou virun. Ech wëll mech hei net an Detailer verléieren, wat méiglech Ursaache kéinte sinn. De klimateschen Afloss ass jo schonn ugeschwat ginn, de PH-Wäert an esou virun, mä do sinn nach eng Rei Zousazënnersichungen noutwendeg.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Tatsaach ass awer, wann ee mat de Leit schwätzt déi um Terrain dovu betraff sinn, ob dat d'Bëschbesëtzer sinn, ob dat déi holzverschaffend Industrie ass oder och d'Leit sinn, déi zoustänneg sinn innerhalb vun der Forstverwaltung fir eng gutt Gestioun vun eise Bëscher, dass sech do awer lues a lues eng Veronsécherung breet mécht. Ech mengen et sollt een do oppassen, net dass d'Akzeptanz vun deem, wat bis elo d'Routbuch fir de Bësch bruecht huet, dorënner leide kéint.

Absolut wichteg fannen ech, an ech begréissen dat hei nodrécklech, d'Zesummenaarbecht vun eiser Forstverwaltung mat deenen zoustännegen Instanzen aus Rheinland-Pfalz am Kader vum Interreg-IIIA-Programm. Ech géif am Telegrammstil just e puer Moossnamen opzielen, déi do virgesi sinn: e gemeinsame Monitoring vun de Schied an de potenzielle Schiedfacteuren, d'Entwécklung vu Vermaartungskonzepter fir déi betraffe Bëscher, Öffentlechkeetsaarbecht, Seminären an esou virun. Ee vu menge Virriedner huet och vu Monitoring vun de Käfere geschwat, deen op jidde Fall net ze ënnerschätzen ass a wou mer hei am Land, wann ech gutt am Bild sinn, 15 där Moosseenheeten hunn.

D'Zesummenaarbecht also mat den däitschen Autoritéite schéngt mer ganz gutt ze sinn. Ech wollt an deem Zesummenhang vun der Regierung wësse wéi d'Zesummenaarbecht dann ass mat onse belschen Noperen iwwert déi eraus vun den Universitéiten an och eventuell mat de franséischen Noperen, fir dass mer do kënnen am Konsens, géif ech soen, u Léisunge schaffe fir de Problem esou schnell wéi méiglech an de Gréff ze kréien.

Eng lescht Fro, déi sech nach opdrängt, ass déi vun den Entschiedegungen. Ech hu virdru gesot, dass mer keng genau Detailer hunn iwwert d'Zuel vun de Kubikmetere vun deene betraffene Bëscher. De finanzielle Schued kéint jo, menger Meenung no, am Kader vum Reglement vum Oktober '95 zum Deel geléist ginn, wou Méiglechkeete bestinn de Bëschbesëtzer ënnert d'Äerm ze gräifen. An deem Sënn wëll ech mech deene Froen, déi vu menge Virriedner gestallt gi sinn, uschléissen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Wohlfart. Den nächste Riedner ass den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, krank oder futtis Beem zéie jo ëmmer negativ Konsequenze mat sech. Engersäits entsteet e wirtschaftleche Schued fir d'Bëschbesëtzer an op där anerer Säit geet awer och e wichtegt ekologescht Element am Natursystem verluer.

Och déi aktuell Kränkt vun de Bichen a groussen Deeler vum Land ass natierlech eng gewësse Katastroph. De Bësch ass, wéi dat schonn e puermol hei ënnerstrach ginn ass, en onersätzleche Liewensraum fir vill Déieren- a Planzenaarten, mä en erfëllt awer virun allem och eng wichteg Roll als Sauerstofflieferant. Duerfir ass dës Bichekränkt, déi jo zënter 2000 hei zu Lëtzebuerg optrëtt, eng Saach, déi een eescht huele muss. Et ass och ze begréissen, datt mer eis haut als Parlament mat deem Phenomeen do beschäftegen.

Den Expären no ass jo u sech nach net dat geneet Ausmooss vun där Kränkt hei zu Lëtzebuerg ofzeschätzen. Et wier natierlech katastrophal fir d'Bëschwirtschaft insgesamt, wann elo duerch dës Kränkt d'Attraktivitéit vun der Bich géing drënner leiden. Et ass och duerfir ze begréissen a mäi Virriedner huet dat och schonn ënnerstrach, datt d'Forstverwaltung schonn déi néideg Schrëtt ënnerholl huet an och mat hire Kolleegen aus Rheinland-Pfalz Programmer an d'Weeër geleet huet fir dëse Fléau kënnen ze bekämpfen.

Am Summer an am Hierscht vum leschte Joer ass jo d'Zuel vun deene kranke Beem nach an d'Luucht gaang. D'Situatioun ass also mat Sécherheet elo alarmant an et stellt ee sech natierlech d'Fro, wéi een dës dramatesch Kränkt am beschte bekämpfe kann. D'Expären, an ech beruffe mech eben och elo hei op déi vill Aussoen, déi scho gemaach goufen, kënne jo de Moment nach net genee festhalen, wou dann elo d'Ursaachen ze siche sinn.

Sécher hunn d'Krankheeten ëmmer eppes mat de klimatesche Bedéngungen ze dinn, wat jo och schonn e puermol hei ënnerstrach ginn ass, dat hänkt dovunner of ob et en ze vill dréchent Joer oder en ze vill naasst Joer war, ob et en ze vill mëlle Wanter war oder en ze vill haarde Wanter. All dat spillt natierlech ouni Zweifel eng Roll. De ganze Problem muss een natierlech vun zwou Säiten aus gesinn. Éischtens, wat kann een à court terme géint déi ganz Saach maachen? An zweetens awer och, wéi kann ee preventiv virgoen?

A court terme kann een natierlech nëmmen eng sougenannte Symptombekämpfung maachen, obwuel dat natierlech ganz schwéier ass. Mir sinn eis och bewosst, datt een op kee Fall soll chemesch Pesticiden an eise Bëscher asetzen, well dat jo ouni Zweifel zu enger ganzer Rei vu Kollateralschied féiere géing. Par contre kann een awer natierlech iwwert den Asaz vu biologesche Mëttele géint Insekten, déi noweislech Schied u Beem maachen, zumindest nodenken.

Am Ausland si jo och alt emol an der Zäit, ech weess net, ob dat och nach haut praktizéiert gëtt, sougenannte Kalkungsmoossnamen duerchgefouert ginn, fir eben d'Vitalitéit an d'Resistenz vun de Bëscher ze erhéijen. Ech verweisen an dësem Kontext op déi sougenannte Lissabon-Empfehlung, déi sech jo am Fong geholl duerfir ausschwätzt, datt een d'Gesondheet vun de Bëschökosystemer nach verbessere sollt.

A court terme misst awer, an hei beruffen ech mech och op Aussoe vu Betraffenen, virun allem dat krankt an dat doudegt Holz aus eise Bëscher erausgefëiert ginn. Selbstverständlech ass dat net ëmmer esou einfach ze realiséieren. Do, wou dat vu staatlecher Säit oder vu kommunaler Säit aus net machbar ass, soll een awer roueg op Privatfirmen zréckgräifen, fir déi Aarbecht ausféieren ze kënnen. Et kann een op dëser Plaz natierlech nëmmen nach ënnersträichen, datt d'Gemengen, de Stat awer virun allem och d'Privatleit an Zukunft solle verstäerkt op d'Notzung vum Holz setzen, well an där ganzer Problematik stellt sech natierlech elo d'Fro: Wat geschitt mat deem villen doudegen Holz?

Ech wëll hei drop hiweisen, datt et jo schonn eng Rei vu Gemenge gëtt, déi déi sougenannten Holzhackschnitzelfeuerungsanlage, e ganz schwéiert Wuert, realiséiert hunn, an datt een och hei nach soll den Opruff maachen, verstäerkt op déi Infrastrukturen ze setzen, wat et virun allem och erlaabt doudegt an iwwerflëssegt Holz aus eise Bëscher sënnvoll ze gebrauchen.

Da gëtt et natierlech awer och déi Theorie déi seet, datt ee soll gewëssen Deeler vum Bësch als Naturbësch ausweisen, dat heescht wou de Mënsch keen Agréff méi virhuele soll. Et gi jo Gemengen, déi do mam gudde Beispill virginn. Här Lux, zu Beetebuerg ass dat jo geschitt, wou jo elo 145 ha ausgewise goufen.

***(Brouhaha général)***

Wann eppes Guddes an enger Gemeng gemaach gëtt, da soll een dat och beluewegend hei ervirsträichen.

Wa mer natierlech awer nach vu preventive Mesurë schwätzen, dann ass een och ganz séier an der Diskussioun iwwert de Klimaschutz. Dat ass eng Diskussioun, déi schonn eleng natierlech hei géif vill Zäit brauchen an déi een also elo net kann hei verdéiwen. Mä ech mengen dat Bëschstierwe beweist awer och, datt eist gesamt Ökosystem trotzdeem an engem gewëssenen Déséquiliber ass.

Mir hunn dernieft natierlech och nach eng Rei aner Problemer mat der Qualitéit vun eise Bëscher, dat virun allem natierlech duerch d'Ausstéiss vun enger Rei vu gëftege Gasen, déi duerch d'Verbrennung vu fossile Brennstoffer entstinn. Allgemeng gëtt jo och behaapt, an dat kann een och als Laien zum Deel gesinn, datt d'Qualitéit vun eise Bëscher net onbedéngt brillant ass. Als klengt Land hu mer natierlech net allze vill Awierkungsméiglechkeeten, wat awer net heesche soll, datt mer eis sollen eiser Verantwortung entzéien.

Mat enger méi ökologesch orientéierter Bewirtschaftung vun eise Bëscher, an hei denken ech natierlech un éischter Linn un eng Naturverjüngung, kann een awer och méi preventiv virgoen. Et gëtt jo dann op där anerer Säit och behaapt, eise Buchebestand wier iweraltert. Wat een natierlech nach maache kann, dat ass nei Bëscher uleeën. Och do gëtt et jo positiv Initiativen ze erkennen. Wéi gesot, ech kommen aus enger Gemeng wou en neie Bësch viru Joren ugeluecht ginn ass, esou datt also u sech och do eng Rei vu Méiglechkeeten ouni Zweifel bestinn.

Wat evident ass, dat ass dass natierlech dat krankt Holz mat sech bréngt, datt de Präis fir d'Miwwelindustrie drastesch erof geet. Et ass mer och gesot ginn, datt an deene leschte Joren souguer e Präisverfall vu 60 bis 70% hei zu Lëtzebuerg ze verzeechne wier.

Da gëtt natierlech an der ganzer Problematik zu Recht d'Fro hei ugeschnidden, inwiefern datt vläicht privat Bëschbesëtzer missten entschiedegt ginn. Ech wëll just drop hiweisen, datt an der Belsch zum Beispill vun der Kommissioun hier keng Steng an de Wee geluecht gi fir deene betraffene Bëschbesëtzer eng zousätzlech Subventioun zouzëerkennen. Ech erënneren an dësem Kontext och un dat groussherzoglecht Reglement vum 10. Oktober 1995, wat jo de private Bëschbesëtzer eng duebel Subventioun zouerkennt, wa Schied entstane sinn duerch natierlech Katastrophen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen et sollt een déi puer Minutten hei awer och notze fir e puer Reflexiounen iwwert eng allgemeng Appréciatioun vun der Bëschbewirtschaftung zu Lëtzebuerg ze maachen. Et muss ee vläicht nach eng Kéier drop hiweisen, datt den ökologesche Volet dem Ministère de l'Environnement ënnersteet an dee renge Volet, wat d'Sylviculture ubelaangt, dem Ministère de l'Agriculture ënnersteet.

***(Interruption)***

M. le Président.- Ech hu keng Auer.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Glift?

***(Interruption)***

Jo. Wéi vill hunn ech der dann?

M. le Président.- Siwen an eng hallef.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Bon, ech entschëllege mech, mä dat ass ebe well keng Auer méi hei ass, et gesäit een also net...

***(Interruptions diverses)***

Neen, ech verstinn dat och. Ech respektéieren dann och d'Regele vum Haus hei.

M. le Président.- Wann ech gelift, Här Graas. Ech hunn och keng Auer, soss hätt ech lech meng ginn.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Mä ech wär frou wa mer awer vläicht erëm eng Auer hei hinner kréichen, da weess een e bësse wou een drun ass.

Bon, wéi gesot, dann iwwerhuelen ech dee Volet spéider.

***(Interruptions)***

Ech wollt just kuerz drop hiweisen, dass ee sech awer soll allgemeng Gedanke maachen, inwiefern datt déi gesamt Bëschbewirtschaftung an Zukunft soll ausgesinn, an ob een net soll nodenken iwwert dat, wat och am Audit iwwert d'Forstverwaltung zréckbehale ginn ass, wou behaapt ginn ass, et wär besser d'Forstverwaltung hätt an Zukunft nëmmen nach ee Patron, an dowéinst wollt ech hei awer ofschléissend ënnersträichen, datt mer als Demokratesch Partei och der Meenung sinn, datt ee jiddefalls déi Ausso méi wéi soll analyséieren an och bei enger spéiderer Regierungsbildung dat soll a Betruecht zéien.

Onofhängeg dovunner, wëll ech awer hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt et wichteg ass, dass mer déi ganz Problematik zesumme mat de private Bëschbesëtzer analyséieren, an der Hoffnung datt sou séier wéi méiglech awer och nei Erkenntnisser entstinn, wéi mer dee Fléau do kënne bekämpfen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Graas. Den nächsten Orateur ass den Här Gira. Här Gira, och fir lech hunn ech keng Auer un.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech gi mer Méi mech kuerz ze faassen. Ech géing mengen dat meescht wär och schonn zu dësem tatsächlech komplexen a mysteriéise Phenomeen, zur Buchekomplexkrankheet, gesot.

Tatsächlech sinn d'Ursaache ganz komplex. Ech hunn nach néierens gesinn, datt een definitiv behaapt huet, e wéisst wou et géing hierkommen. Eent ass awer kloer, dass sécherlech iergendwou en allgemenge Phenomeen vu Schwächt bei de Buche fir d'éischt muss optrieden, fir dass dann duerno secondaire Schädlinge wéi Käferen a Pilzen eng Chance hunn, d'Biche sou schlecht drun ze bréngen, wéi se deelweis sinn.

Ech hunn och gelies, dass en eemolege Klimaschock deelweis kéint un der Ursaach sinn, ee wierklech eemolege Frascht, dee ganz elle war, a vläicht zu enger Zäit wou net gepasst huet.

Mysteriéis ass awer och d'Manéier, wéi de Phenomeen sech ausbreet. Wann ee mat de Fierschtere schwätzt, da kritt ee gesot dass et erstaunlech ass, dass niewent deem engen oder anerer Revéier, wat ganz staark befall ass, et méiglech ass, dass e Revéier ass, wou net ee Bam befall ass.

Dir konnt am Rapport vun der Forstverwaltung liesen, dass de Weste vum Land, ënner anerem meng Gemeng, an och d'Gemeng Habscht, relativ seriö betraff ass. Ech hunn awer nach haut mam Fierschter vu Kärsch geschwat, deen direkt niewendrun ass, an dee seet mer: „A mengem Revéier ass net ee Bam betraff." Dat ass sécherlech mysteriéis, dat ass erstaunlech.

Do kann ech natierlech d'Fro stellen: Weist dat op een Zesummenhang hin, mat dem ënnerschiddleche Buedem, dee vläicht an enger anerer Géigend ass? Kann dat drop hiweisen, dass awer vläicht eng Rei Schadstoffer iwwert de Reen vu Westen erabruecht ginn, wann ee weess dass eis Géigend an dann natierlech d'ganzt Éislek awer e gudde Krack méi Ree kritt, wéi vläicht aner Regiounen am Land?

Dat si vläicht Piste wou ee kann nogoen. Et ass natierlech komplex, mä op jidde Fall ass dat awer scho bal onerklärlech, dass een dee Phenomeen do sou no bei eneen op e puer Kilometer kann hunn, oder deelweis souguer op e puer honnert Meter sou en ënnerschiddlechen Impakt vun där Krankheet do ka sinn.

Ech mengen dee bekannteste Bësch, wou mer wierklech fir d'éischt drop opmierksam gemaach gi sinn, dat war natierlech d'Forêt d'Anlier an der Belsch. A wann hei vu Gemengebësch geschwat gëtt, wa vu private Bëschbesëtzer geschwat gëtt, mengen ech, musse mer awer och un d'Gemengen denken. Ech weess, dass déi Krankheet do zum Beispill an de Budget vun der Gemeng Rammerech e ganz zolitt Laach wäert schloen, a wann hei iwwer Entschiedegunge geschwat gëtt, wou mir als Gréng selbstverständlech och kee Problem hunn, datt mer doriwwer schwätzen, da wéilt ech awer och e Plädoyer hei halen, dass mer d'Gemengen net vergiessen.

Normalerweis ass déi ganz Forstwirtschaft, zumindest wann ee reng ekonomesch iwwerleet, schonn déficitaire. Ech sinn zwar der Meenung, dass se awer sënnvoll ass, forstwirtschaftlech. Mä wa mer wëssen, dass d'nächst Joer d'Gemengebudgete jo anscheinend nach vill méi mickereg ginn an dass mer de Rimm nach vill méi enk musse schnallen, da muss een awer och un déi Gemengen denken, déi zousätzlech zu deem heite Phenomeen nach e gréissert d'Lach kréien, an da mengen ech dass mer och do drun denken an do Entschiedegunge wäerte maachen.

Ech wär dee leschten deen hei géif probéiere Léisungen ze proposéieren, grad wann een esou ee komplexe Phenomeen viru sech huet, wéi deen, iwwert dee mer schwätzen, wär et ze einfach hei mat fäerdege Léisungen ze kommen. Ech hunn dat Gefill, dass een ëmmer erëm nëmmen ee Plädoyer kann hale fir dräi Richtungen.

Ee Plädoyer fir all Moossnamen, déi all Form vu Loftverschmotzung verhënneren, well een awer dat Gefill net lass gëtt, dass en direkten oder indirekte Lien besteet tëschent der Loftverschmotzung an déi doduerch geschwächte Bëscher a Beem, an dann ebe méi eng grouss Ufällegkeet, wann dann nach aner Phenomeener dobäi kommen.

Ee Plädoyer fir en „naturnoe Bësch". Ech menge schonn, dass ee generell ka soen, wat d'Biodiversitéit an engem Bësch méi grouss ass, wat och d'Ufällegkeet vis-à-vis vu sou Phenomeene wéi deem heiten, mä och anerer, sécherlech méi kleng ass, wat awer och vläicht d'Verbreedung méi gebremst gëtt, wa mer net Monokulturen hunn, wa mer wierklech eng Mëschung hunn, wéi et scho gesot ginn ass, vun Zorten, mä och vun Alteren.

An dann och schlussendlech an ofschléissend, fir an der Zäit ze bleiwen, ee Plädoyer fir eng villfälteg Notzung vun eisem Holz, wat mer hei hunn. Ech kann et ëmmer erëm nëmme betounen a bedaueren, dass mer, obwuel mer nach ëmmer en Département des Forêts sinn, eigentlech ze wéineg mat deem Rohstoffholz maachen, grad an Zäite wou et aus x Ursaachen héich Zäit géif ginn aus dem Fossilienenergiezäitalter ëmzeklammen, mengen ech, wär déi Filière, déi hei schonn ugeschwat ginn ass, fir eist Holz och als Brennholz ze huelen, an enger moderner Form, wierklech eng Pist, an da wéisste mer och wat mer mat deem doudechen Holz, wat mer elo kréien, géinge maachen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Gira. D'Regierung huet d'Wuert.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech konnt hei bei deem Débat feststellen - an dat fannen ech och ganz gutt -, datt hei praktesch alleguerten d'Spriecher d'Wichtegkeet vum Bësch mat senge multiple Funktiounen ënnerstrach hunn, an datt och sécher hei jiddfereen ee Plädoyer gemaach huet fir den Erhalt vun enge vun den Haaptsourcë vun der Biodiversitéit hei zu Lëtzebuerg, an och sécher op anere Plazen. Dat ass op alle Fall ze begréissen.

Et si schonn eng ganz Rei Informatiounen an Donnéeë vun de Virspriecher geliwwert ginn, dofir kann ech elo iwwer verschidde Punkten, déi ech hei wollt kuerz erwähnen, méi schnell ewech goen. Sécher ass, datt dee Sujet och an der Forstverwaltung respektiv vun de Politiker net eréischt nei entdeckt gëtt, mä datt mer mat deem Phenomeen säit dem Joer 2000 konfrontéiert sinn, datt mer och, soubal mer do déi éischt Unzeeche festgestallt hunn, direkt agéiert hunn an iwwert de Wee vun der Forstverwaltung och direkt versicht hunn, eng Rei Mesuren ze analyséieren an de Phenomeen ze studéieren.

Et ass also esou, datt nodeems do déi éischt Fäll festgestallt gi sinn, eng detailléiert Analys gemaach ginn ass, Symptomer analyséiert gi sinn, eng Bestandopnahm an Ugréff geholl ginn ass, an datt och op där anerer Säit Kontakt opgeholl ginn ass mat deenen zoustännege Verwaltungen am Ausland, well, dat ass och scho gesot ginn, souwuel an enge Rei vu Géigende vu Lëtzebuerg, mä och an der Wallonie respektiv dem Rheinland-Pfalz, deelweis och a Frankräich, ass een och mat deeneselwechte Phenomeneer, mat deene selwechte Schwieregkeete bei de Bichebëscher konfrontéiert. Et ass also net eng Problematik, déi sech eleng op Lëtzebuerg géif beschränken.

Et ass esou, datt och dann Installatioune vun engem Réseau vu Placette haaptsächlech fir de Monitoring vun de Borkekäfere geholl gi sinn; dee Réseau, deen 2001 ugefaangen huet, ass dauernd ënner Kontroll, respektiv gëtt dauernd ausgewäert an dee leeft och nach an deenen nächste Jore virun. Et gëtt och de Moment ee Suivi gemaach vun 112 kranke Bichen, fir och do nei Erkenntnisser ze kréien, wéi déi Krankheet kann oflafen, respektiv ass och gekuckt ginn, wat eventuell de Lien kéint sinn tëschent gehaenem Holz, wat do läit, an eben dem Befall vun den nach gesonde Bichen, duerch déi verschidden Zorten Insekten, respektiv duerch de Pilz, déi jo e Symptom sinn, mä net d'Ursaach vun deem Problem.

Mä dat ass awer am Fong geholl éischter eng Erkenntnis, vun där ee kann ausgoen, datt déi geséchert ass, datt et hei virun allem mat enger Schwächt vun de Beem ze dinn huet, déi dann eben als Resultat huet, datt se vu Champignonen, vun enger Rei vun Insekten, haaptsächlech de Borkekäfer, befall ginn.

Wéi ass den aktuelle Stand vun der Kränkt? Et ass esou, datt mer opgrond vun deenen Zielungen iwwert d'Placette gemierkt hunn, datt an de leschte Joren de Phenomeen an d'Luucht geet, dat heescht datt nach méi där Borkekäferen de leschte Wanter op alle Plaze gezielt gi sinn. Déi lescht Resultater vun der leschter Zielung leien elo nach net vir, déi schéngt liicht erof gaangen ze sinn, de Befall vun de Champignonen ass awer och nach an d'Luucht gaangen. An de leschte Jore kann ee soen, dass den Trend no uewe gaang ass. Et kann een awer nach net den definitiven Trend viraussoe fir dëst Joer, respektiv fir déi nächst Joren.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

D'Fro war opkomm, wat d'Surface vun de Bëscher wär, déi dovu betraff sinn? Hei muss ech soen, dass mer nach keng definitiv Erkenntnisser hunn, dass d'Forstverwaltung nach amgaang ass drun ze schaffen. De Wanter wäert eng Cartographie opgestallt sinn, wou mer da kënnen dat lokal op der Kaart duerstellen, a Prozenter an op wat fir enge Plazen de Phenomeen optrëtt.

Et ass och esou, dass mer eng Rei vun Informatiounsmesurë geholl hunn. Dat ass natierlech wichteg fir d'Bëschbesëtzer. Et ware ronn 8 Artikelen an den Zeitungen, déi spezifesch sech un de Milieu vun de Bëschbesëtzer riichten. Et waren och Informatiounen an der Press. Et sinn Excursiounen, respektiv Studiegäng mat Bëschbesëtzer um Terrain gewiescht. Et ass och dru geduecht fir en Internetsite opzeriichten am Kader vun engem Interreg-Programm, op deen ech nach wäert zréckkommen.

Et muss een op alle Fall wëssen, dass géint déi Kränkt, déi de Moment bei de Bichebëscher virzefannen ass op verschiddene Plazen hei zu Lëtzebuerg - et ass kee gerenelle Phenomeen, de leschte Riedner huet dat nach eng Kéier ervirgestrach -, et kee Wonnermëttel gëtt. Sécher kann ee mat deem engem oder deem anere Procédé probéieren. Et ass geschwat gi vu Kallek, vu Magnesia ausstreeën an esou weider, mä souwäit awer de Kenntnisstand vun den Expären ass, gëtt et kee Mëttel wat wierklech ka garantéieren, dass domat all Problemer geléist sinn.

Wat fir eng Mesuren - ech hunn der elo schonn eng Rei opgezielt - hu mer geholl? Wat fir eng si mer nach amgaangen ze huelen? Wat fir eng wäerten nach kommen? Et ass esou, dass mer festgestallt hunn, dass ganz selten an engem Bichebësch méi wéi 30% Beem matenee befall sinn. Et ass éischter esou, dass oft eenzel Beem befall sinn an net de ganze Bësch. Et gëtt also keng Coupe rase gemaach. Déi eenzel Beem kënne gehae ginn. Et ass awer och esou, dass deelweis déi befalle Beem stoe gelooss ginn. Do ass et natierlech wichteg, well déi bannendra lues a lues morsch ginn, kënne se ëmfalen. Op enger Rei vu Plaze si Panneauen opgestallt ginn, fir dass d'Leit, déi an de Bësch ginn, wëssen, dass do e Problem ka sinn. Et sinn also Hiweiser op d'Sécuritéit ginn.

Et ass awer esou, dass mer och en Interreg-Programm an d'Weeër geleet hunn, de sougenannten Interreg IIIA De-Lux. Deen ass am Fréijoer 2002 ugefrot ginn. Ech soen lech den Numm vum Projet, well en zesumme mat den Däitsche gemaach gëtt: „Entwicklung von Strategien zur Sicherung von Buchenwäldern in der Programmregion De-Lux." Dee Programm ass ugefrot an och scho mëndlech accordéiert. Déi éischt Aarbechten hu schonn ugefaangen. Et ass och een Deel vun de Mesuren an deem Kader. Dee Projet soll véier Joer daueren. Et ass eng Enveloppe vu ronn 1.017.000 Euro virgesinn. De lëtzebuergeschen Deel wäre 404.700 Euro genau. Do ginn dann awer 50% vun der europäescher Kommissioun iwwerholl.

Wat ass den Objet vun deem Programm? Op där enger Säit de Monitoring nach ze verbesseren, op där anerer Säit sollen awer och Strategien entwéckelt gi mat Expären aus dem Ausland, fir ze kucke fir de Risiko oder d'Krankheet anzedämmen, a kucke wat fir eng preventiv Méiglechkeeten een huet. Da soll och gekuckt ginn, wéi ee soll d'Gestioun vun deene befallene Bestänn maachen, respektiv ass awer och ee Punkt an deem Interreg-Programm fir de Maart vum Bichenholz ze analyséieren an och ze kucken nei Strategien ze fanne fir den Ofsaz vum Bichenholz. Et ass also eppes wat herno eng praktesch Exécutioun huet.

Et ass och déi eng oder aner Kéier hei gefrot ginn, wéi et eventuell wier mat Entschiedegungen. Hei wëll ech drop verweisen, dass et e Règlement grand-ducal gëtt vum Oktober 1995, dat vum Landwirtschaftsministère géréiert gëtt, wou ee ka bei natierleche Katastrophen, wann duerno erëm opgeforst gëtt, en duebelen Tarif vu Subsidie kréien. Et musse minimum 50 Ar sinn, déi opgeforst ginn. Ech hu virdru scho gesot, dass keng Coupe rase gemaach gëtt. Et ass also och net esou, dass doduerjer géing integral opgeforst ginn. Ech leeden dovun of, dass dat Reglement vun 1995 vum Landwirtschaftsministère net direkt ka spillen.

Et ass esou, dass ee sech kéint virstellen, dass iwwert den Environnement zum Beispill eng Rei Parzellen, eng Rei Bëscher déi méi staark betraff wieren, géingen opkaaft ginn, fir se dann awer als Parzell Naturbësch ze géréieren. Dat wier eng Pist. Aner Méiglechkeete sinn och schonn erwähnt ginn, Projeten zum Beispill fir Holzhackschnitzelfeuerungsanlagen, och dass d'Ressource Holz géif nach méi verwäert gi fir erneierbar Energietechnologien ze fidderen, an dass een do also och en Ofsaz hätt.

Dat gesot, wéilt ech ofschléissend dat widderhuele wat vun enger Rei Virspriecher scho gesot ginn ass, dass d'Forstverwaltung eng ganz gutt Aarbecht mécht, dass se hei och weist, dass se eng kompetent Verwaltung ass. Heiansdo liesen ech mol oder kréie gesot, si wären net à même, och wëssenschaftlech, e Suivi ze maache vu Projeten oder déi ze géréieren. Hei hu se wierklech bewisen, dass se do à même sinn. Ech wéilt vun dëser Plaz aus de Leit vun der Forstverwaltung e grousse Merci ausschwätzen. Och konnt ech um Terrain - si hu mech e puermol matgeholl, fir mer déi Saach ze weisen - gesinn, dass se wierklech ganz vill vun där Saach verstinn an déi och richteg uginn.

Ofschléissend, Här President, wéilt ech lech nach en Dokument aushändegen, wat och vun der Forstverwaltung erstallt ginn ass, wou een nach eng Kéier all d'Informatioune fënnt. Wann nei Dokumenter erauskommen, da si mer natierlech gäre bereet fir déi all Deputéierten zur Verfügung ze stellen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Domadder wier dëse Punkt ofgeschloss a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4976, eng Konventioun mat Ungarn a mat Malta iwwert d'Zesummenaarbecht um Gebitt vum Tourismus. Et si schonn agedroen: déi Häre Wiseler, Scheuer an Urbany. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Emile Calmes.

## 4. 4976 - Projet de loi portant approbation

## - de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxem-

bourg et le Gouvernement de la République de Hongrie sur la coopération dans le domaine du tourisme, signée à Budapest, le 3 novembre 1995

- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de Malte sur la coopération dans le domaine du tourisme, signé à la Valette, le 16 octobre 1992

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense***

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mat dësem Gesetz gëtt zu engem Deel eng Konventioun zwëschent Lëtzebuerg an Ungarn ëmgesat aus dem Joer 1995 an op där anerer Säit en Ofkommes tëschent Lëtzebuerg a Malta aus dem Joer 1992.

An dëse Pabeieren ënnersträichen déi zwou Regierungen d'Bedeitung vum Tourismus a wëllen déi frëndschaftlech Bezéiungen zwëschent de Länner op der Basis vu Gläichheet a géigesäitegem Notzen erweideren. Dofir gëtt der touristescher Entwécklung besonnesch Opmierksamkeet geschenkt, fir esou de Leit aus dëse Länner Kultur a Geschicht méi no ze bréngen. Virun allem sollen déi Accorden dozou dénge fir d'Reesbestëmmungen ze vereinfachen, fir de Kollektivtourismus grad esou wéi den Individualtourismus ze förderen, virun allem am kulturelle Beräich wéi awer och am Kongress- a Sportstourismus.

Déi Accordë gesinn dann och vir, datt Informatiouns- an Dokumentatiounsmaterial ausgetosch gëtt. Si gesi weider vir, datt solle Studiëreesen ënnerholl ginn en vue vun enger besserer Zesummenaarbecht um Niveau vun der Erzéiung an der Beruffsausbildung. Virun allem solle si dann och d'Zesummenaarbecht zwëschent deene verschiddenen Touristenorganisatiounen, ONTen, am Prinzip förderen.

D'Konventioun ass gemaach fir fënnef Joer a kann all fënnef Joer verlängert ginn, wa se net sechs Méint virdru gekënnegt ginn ass. De Conseil d'Etat liest an dëser Konventioun an an dësem Ofkommes näischt Konkretes dran. Wann een d'Reesbroschüren awer liest, och vun de Lëtzebuerger Reesagencen, da mierkt een awer, datt an der Zwëschenzäit Malta e beléift Reeszil och vun de Lëtzebuerger ginn ass. A wann een nach méi genau kuckt, da mierkt een, datt och Ungarn versicht op dee Maart eranzekommen.

Dat ass alles, wat zu dësem Projet hei ze soen ass. Ech wollt Iech nach just invitéieren deem Projet Är Zoustëmmung ze ginn a wollt dann och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen.

Merci.

M. le Président.- Den Här Scheuer huet d'Wuert.

Une voix.- An Ungarn ass et meeschtens waarm.

Une autre voix.- An op Malta och.

***Discussion générale***

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, näischt verhënnert et, an et soll och keen Zweifel drun opkommen, d'sozialistesch Fraktioun wäert dëse Projet stëmmen.

Et ass ee Projet, dee sech areit an eng Serie vun anere Konventiounen, déi mer och mat anere Länner ofgeschloss hunn. Et ass ee vun deene villen noutwennegen Accorden, déi mat anere Länner ofgeschloss ginn, fir einfach d'Zesummenaarbecht ze erliichteren.

A wann ech dann den Inhalt kucken, dozou gëtt et e Schlëssselsaz, deen am Rapport vum honorabelen Här Calmes steet. De Schlëssselsaz, dee faasst déi zwee Projeten zesummen. Den Här Calmes seet, a wéi Recht huet hien: «Dans cet ordre d'idées la convention et l'accord visés ont pour but de faire bénéficier les touristes visitant le Grand-Duché du Luxembourg, la République de Hongrie et la République de Malte d'un agréable séjour." Dat war et. Méi ass net dozou ze soen.

Ech bréngen den Accord vun der Fraktioun.

M. le Président.- Den Här Claude Wiseler huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat war a sech just eenzeg an eleng fir dem Rapporteur merci ze soen, fir déi Aarbecht déi e gemaach huet, a fir mat deemselwechte Saz den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet ze bréngen.

Merci.

M. le Président.- Freet nach een d'Wuert?

Et ass kee méi do. Sou, da kritt d'Wuert den Tourismusminister, den Här Fernand Boden, oder den Här Statssekretär Berger.

***(Interruptions)***

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Här President, ech stelle mat grousser Satisfactioun fest, datt d'Chamber eestëmmeg dëse Projet de loi stëmme wëllt, an ech géif dann och, wéi elo gesot ginn ass, allen Touristen, déi op Lëtzebuerg, Malta oder an Ungarn ginn, e schéine Séjour wënschen, an datt se vun dësem Projet de loi kënne profitéieren.

M. le Président.- D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwert de Projet of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 54 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Jeannot Belling), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jean Colombera), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens zum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5057, e Stabilisatiounsofkommes tëschent der Europäescher Unioun a Mazedonien. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Fayot an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

5. 5057 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et l'ancienne République yougoslave de Macédoine, d'autre part, et de l'Acte final y afférent et de l'échange de lettres remplaçant la signature de l'Accord, signé à Luxembourg, le 9 avril 2001

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense***

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, bei deem Gesetz hei geet et ëm een Associatiouns- a Stabilisatiounsaccord tëschent den Europäesche Communautéiten op där enger Säit an hire Memberstaten an dann awer och mat Mazedonien. Mazedonien, dat an deem Rapport hei als ARYM beschriwwe gëtt, dat wëllt soen: Ancienne République Yougoslave de Macédoine. Dat huet domat ze dinn, datt déi sech net anescht däerfen nennen opgrond vun engem Sträit, dee vu jeehier besteet tëschent Griichenland an deem Land hei, wéinst deem Numm Mazedonien, dee vu béide Länner beusprocht gëtt.

Deen Accord ass den 9. Abrëll 2001 hei zu Lëtzebuerg ënnerschriwwe ginn an et ass deen éischten Accord am Kader vun engem Associatiouns- a Stabilisatiounsprozess tëschent den Europäesche Communautéiten an de Länner aus Süd-Ost-Europa, zu deenen niewent Mazedonien och nach Albanien, Bosnien-Herzegowina, Kroatien a Serbien-Montenegro gehéieren. Déi Accordë missten also nokommen. Dee mat Kroatien wäerte mer deemnächst an eiser Kommissioun hunn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Déi Accorden hei berouen op eng Laangzäitperspektiv an hunn u sech zum But fir all déi Länner, eng Adhésioun an d'Europäesch Unioun. Ech brauch net drun ze erënneren, datt déi Accorden hei um Hannergrond vun enger ganz schwéierer politescher Situatioun vun dësem Land ënnerschriwwe gi sinn. Ech mengen, mir kënnen eis nach erënnere wéi am Februar 2001 tëschent de mazedoneschen Nationalisten an den Albaner et zu engem relativ grousse Sträit no un der Grenz vum Kosovo komm ass, dee glécklecherweis awer op Interventioun vun der NATO am Juli 2001 zu engem Waffestëllstand komm ass. Den 13. August vum selwechte Joer konnt dann och een Accord tëschent deene verschiddene Gruppe fonnt ginn.

De Problem berout op de Minoritéitsproblemer an deem Land. Et muss een nämlech wëssen, datt d'Minoritéiten a Mazedonien 34% vun der Populatioun ausmaachen, vun deenen 23% Albaner sinn an 11% Türken, Romaën, Walachen an och Serben. Et muss een awer soen, datt d'Regierung a Mazedonien, déi aus deene Wahlen no deene Konflikter do ervirgaangen ass, hir Verfassung an deem Sënn geännert huet, datt all déi Minoritéiten déi gläich Rechter hunn. D'albanesch Sprooch ass esouguer offiziell Sprooch ginn, an deene Regioune wou méi wéi 20% wunnen. D'Reliounsfräiheet ass dann och ganz agefouert ginn an déi Minoritéiten hu ganz grouss Rechter um Niveau vun der Kultur, vun der Sprooch a vun der Educatioun kritt.

Dat Land huet am Prinzip och gutt Relatioune mat sengen Noperen. Wéi gesot, historesch bedéngt sinn dës Relatiounen awer relativ komplex, virun allem mat Griichenland a selbstverständlech dann och mat Albanien. Et ass awer esou, datt dat Land och zënter 1995 am Conseil de l'Europe ass.

Net nëmmen déi politesch Situatioun ass schwéier fir dat Land, mä och déi wirtschaftlech. Mazedonien war fréier Undeel vun der jugoslawescher Republik, a wéi mer all wëssen, war et do net déck mat der fräier Maartwirtschaft, a wéi dat Land sech op seng eege Bee gestallt huet, hat et et net einfach an de Produit intérieur brut ass an Zäit vun enger halwer Dosë Joren ëm 40% zréckgaangen. Mä et war däers net genuch. Mat der Kris am Kosovo, wéi och mat de Sanctioune vis-à-vis vu Jugoslawien an de politeschen Evénementer vun 2001, huet et nach emol béis Réckschlési erlieft. Déi traditionell industriell Secteure si selbstverständlech d'Industrie awer och d'Extraktioun vu Mineraien a virun allem och d'Landwirtschaft, mat ongefeier 20% Populatioun, mécht ongefeier 20% dovun aus. Trotzdeem huet dat Land et fäerdeg bruecht an de leschte Joren eng Partie strukturell Reformen ze maachen.

Ëm wat geet et hei an deem Accord? Den éischte Punkt am Accord gesäit vir, datt Mazedonien e potenzielle Kandidat ass fir eng Adhésioun an d'Europäesch Unioun. Dat ass décidéiert ginn um Europäesche Conseil vu Köln am Juni 1999 an et ass och nach eemol zu Feira bestätegt ginn. D'Objektiver vun dësem Accord si relativ klassesch. Am Prinzip solle se de Kader liwwere fir e politeschen Dialog ze féieren. Si sollen och déi verschidde Législatiounen tëschent där vu Mazedonien an och de Communautéite méi no bréngen. Et schéngt awer och der Europäescher Gemeinschaft wichteg ze sinn, datt dat Land eng effikass regional Kooperatioun bedreift. Deen Accord gëtt op zéng Joer festgeluecht, wou no véier Joer déi zweet Phas festgeluecht gëtt. Et sinn also zwou Phasen, an déi éischt Phas leet dann och d'Wichtegkeet op déi regional Kooperatiounen.

Wat elo den Handelsberäich ugeet, muss ee soen, datt d'Europäesch Gemeinschaft deem Land relativ grouss Faveuren entgéint bréngt, an deem Sënn datt all Douanestaxen opgehuewe ginn an och quantitativ Restriktioune fir den Import, net zulescht doduerch datt Mazedonien 47% aus der Unioun importéiert an och 55% an d'Unioun eraus exportéiert.

Voilà, deen Accord hei gëtt natierlech och begleet vun enger Partie aner Mesuren. Esou sinn dann eng Partie Conseilen, Comitéën an och eng parlamentaresch Kommissioun agesat gi fir deen ze iwwerwannen. Virun allem spillen d'Finanzen awer eng Roll, an hei ass e Programm an d'Liewe geruff ginn. Dat ass de Programm CARDS (Community Assistance for Reconstruction, Development and Stabilisation).

Dës Gelder gi géréiert vun der Agence Européenne pour la Reconstruction. Déi finanziell Enveloppe vun 2002 bis 2004 mécht ëmmerhin 110 Milliounen Euro aus. D'lescht Joer si 26 Milliounen débourséiert ginn an dëst Joer ginn ongefeier 40 Milliounen débourséiert. Alles in allem sinn an deene leschten zéng Joer vun der Europäescher Unioun 614 Milliounen Euro an dat Land débourséiert ginn. Et muss een och soen, datt dat Land och nach militäresch gesinn op d'Hëllef vun der Europäescher Unioun ugewisen ass. Nodeem d'NATO de 15. Februar vun dësem Joer mat hirer Friddensiwerwaachungsmissioun opgehalen huet, huet d'Europäesch Unioun dës Missioun iwwerholl a Lëtzebuerg huet och do seng Leit derbäi. Dat hu mer viru kuerzem am Kader vun engem Reglement an der Kommissioun vun den Affaires étrangères diskutéiert.

Voilà, dat wär alles gesot.

D'Wichtegkeet vun deenen Accorden hei - dat heiten ass elo deen éischten, déi aner wäerten nokommen - interesséiert eis. Déi Länner hei leien op den Diere vun der Europäescher Unioun an et kann eis ganz sécher net egal si wat do geschitt. An deem Sënn géif ech Iech dann och invitéieren dësem Gesetz Ären Accord ze ginn an ech bréngen och den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Claude Wiseler agedroen.

***Discussion générale***

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wëll just ganz kuerz dem Rapporteur merci soe fir säin excellente Rapport. Hien huet am Detail schonn erkläert wat alles an deem Accord do dra steet, esou dass ech net nach eng Kéier wëll op d'Detailer vun deem Projet agoen.

Ech wëll awer ee Wuert oder zwee ganz kuerz Wierder dozou soen. Et ass op där enger Säit sécherlech e ganz technesche Projet, mä op där anerer Säit, och wann et e ganz technesche Projet ass, deen hei riskéiert an d'Annalë vun der Chamber ënnert ferner liefen anzegoen, muss ech awer soen, datt et e Projet ass, dee politesch net onwichteg ass.

Et ass en Accord, deen a sech als Zilsetzung huet Mazedonien Stabilitéit ze garantéieren an ze hëllefe Stabilitéit an dat Land ze bréngen, engem Land wat et an deene leschte Joren, an deem leschte Jorzéngt sécherlech, souwuel ekonomesch wéi politesch, guer net einfach hat a wou et enorm wichteg ass, dass eben d'Communautéit, dass eben Europa do probéiert e Rapprochement ze maachen a mat deem Rapprochement och Stabilitéit mat eran ze kréien.

Déi Rei Leit, déi gëschter dobäi ware wéi mer den Ausseminister vu Serbien-Montenegro empfaangen hunn, hunn an deenen Diskussiounen gesi kënne wéi wichteg fir déi Länner de Rapprochement mat Europa ass a wéi wichteg déi Perspektiv vun Europa fir déi Länner ass, wéi vill Hoffnung Europa deene Länner als Noper bréngt, souwuel politesch wéi ekonomesch.

Duerfir, mengen ech, dass dësen Text éischtens fir Mazedonien e wichtege Schrëtt ass, well e méi u Stabilitéit brénge kann, an duerfir ass e sécherlech och fir Europa e wichtege Schrëtt, an dee Moment ass e sécherlech och fir eis keen onwesentleche Schrëtt. Ech ginn duerfir selbstverständlech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Text.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, erlaabt mer e bësse méi laang op dëse Projet anzegoen.

***(Hilarité)***

M. le Président.- Wat gëtt et dann do ze laachen? Dat ass dach e wichtege Projet!

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Ech entschëllege mech, dass ech Är Zäit hei an Usproch huelen, mä ech mengen dass dat heiten e wichtege Projet ass an ech soen lech och firwat.

Et geet nämlech hei ëm net méi an net manner wéi ëm déi spéider Erweiderung vun der Europäescher Unioun am Südoste vun Europa an zéng, 15 oder 20 Joer, dat heescht ëm zousätzlech fënnef Länner an deem Deel vun Europa. An där Hinsicht, mengen ech, kann een net genuch op déi politesch Bedeitung vun deem Schrëtt hiweisen, dee mer mat der Zoustëmmung zu dësem Projet maachen.

D'Zoustëmmung zum Accord de stabilisation et d'association mat der ARYM ass d'Zoustëmmung zu enger éischter Etapp um Wee vun der Erweiderung vun der Europäescher Unioun. Dat soll ee ganz kloer soen, an de Rapporteur huet dat excellent hei duergeluecht, an iwwert dat soll d'Chamber sech och bewosst sinn, wa se heiriwwer ofstëmmt. Well haut gëtt nämlech an de Sondagë kloer, dass en Deel vun eiser Bevölkerung déi ustehend Erweiderung no Osteuropa mat enger gewëssener Skepsis kuckt.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Op eemol kommen zéng Länner bäi, den 1. Mee 2004, an da kann ee sech froen: Firwat déi Skepsis bei der Bevölkerung? Ma well jorzéngtelaang keng öffentlech politesch Diskussioun iwwert d'Noutwendegkeet vun der Erweiterung fir d'Stabilitéit an de Fridde vun Europa insgesamt stattfonnt huet. Haut ass déi Diskussioun natierlech ze spéit, no all deem wat an de Joren no 1990 vun de sukzessive Regierungen décidéiert gouf. Duerfir solle mer ons bei Décisiounen, déi weider Erweiderunge beinhalten, zwar nëmmen à terme, mä solle mer ons kloer bewosst si wat mer maachen.

Här President, d'Instrument vun deem Accord de stabilisation et d'association soll et all Land erlaben op sengem Rhythmus Reformen ze ënnerhuelen an doduerch e modernt, demokratescht a wirtschaftlech entwéckelt Land ze ginn. Dozou gehéieren Handelspreferenze fir d'Exporter vun de Länner an den europäesche Bannemaart, Fonge fir Rekonstruktiouun, Entwécklung vun de Verwaltungen, vun den Infrastrukturen a vum Transport, vun der Energie, vun den Telekommunikatiounen, bref Hëllefe fir alles dat erëm opzebauen, wat d'Leit brauche fir en normaalt Liewen ze féieren.

Den Interesse vun deem Accord ass net nëmmen d'Zesummenaarbecht op prakteschem a wirtschaftlechem Gebitt. D'Hoffnung ass et duerch d'Relatiounen, déi mat der Europäescher Unioun opgebaut ginn, also mat enger konfliktfräier friddlecher héichentwéckelter an demokratescher Unioun, dass och déi intern Relatiounen an de Balkanlänner sech änneren an doduerch intern reliéis an ethnesch Konflikter verhënnert ginn. Dës Konfliktpreventioun ass jo och am direkten Intérêt fir ons, wann duerch Krich an Haass Leit verdriwwe ginn an zu Réfugiéë ginn, déi bei ons Schutz an Hëllef sichen. Déi Konfliktpreventioun ass am Interesse vum Fridden a vun der Stabilitéit op eisem Kontinent.

Déi puer Indicatioune loossen och de Geescht erkennen an deem déi Europäesch Unioun an deene Länner, déi jorelaang vun ethneschem a reliéisem Haass a vu Krich zerrappt waren, intervenéiert. Et ass keng imperialistesch Approche, déi doranner besteet e System ze importéieren, et ass eng Hëllef an der Haaptsaach fir d'Mënschen dohannen, déi näischt léiwer wéi Fridden an Normalitéit hunn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Et huet sech och am Fall vu Mazedonien gewisen, dass et wichteg fir d'Stabilisatioun ass, dass niewent der materieller an der wirtschaftlecher Hëllef och e militäreschen Aspekt bei esou enger Missioun ass. Bekanntlech gëtt et elo a Mazedonien d'Missioun Eufor-Concordia, Eufor fir europäesch Force. D'Europäesch Unioun huet dës Operatioun vun der NATO am Mäerz 2003 iwwerholl an doduerch gëtt d'Presenz vun der Europäescher Unioun an deem Land gefestegt, wann et ëm d'Sécherheet an d'Integritéit vum Territoire geet. Mat anere Wierder, d'Europäesch Unioun fänkt endlech un net nëmmen e Maart ze sinn oder e Spendéierer, dee Sue gëtt, mä si fänkt och un eng Kraaft ze ginn, déi international zielt.

Et ass en éischte wichtegen Test fir den europäeschen Dispositif vu Gestion militaire des crises. Déi éischt Missioun war jo bekanntlech d'Polizeioperatioun a Bosnien. Dat hei ass en Test, well et muss sech jo och weise wéi déi operationell Méiglechkeete vun der Europäescher Unioun op deem Gebitt sinn. Mat anere Wierder: Kënnen d'Europäer zesummen e wuel klengen Trupp vun Zaldoten organiséieren, féieren an zum erhale vum Fridden asetzen?

Et ass och déi éischt konkret Kollaboratioun vun der Europäescher Unioun mat der NATO um Gebitt vun der Gestion des crises. Doduerch kënnen da permanent Arrangementer zwëschent der Europäescher Unioun an der NATO entstoen, déi der Europäescher Unioun et erméiglechen hir militäresch Capacitéiten ze entwéckelen.

Et kann ee menger Ansicht no net genuch drop hiweisen, wat déi militäresch Interventioun vun der Europäescher Unioun am Balkan vun der NATO-Operatioun ënnerscheet. D'NATO ass eng pur Militärallianz, d'Europäesch Unioun net. D'Petersberg-Missioune vun der Europäescher Unioun sinn ëmmer verbonne mat engem politeschen a wirtschaftlech finanziellen Engagement an de Kriseregiounen, dat heescht dass de militäreschen Asaz net vun der wirtschaftlecher a finanzieller Hëllef getrennt gi kann.

Här President, d'Leit dobaussen hunn d'Schwächt vun der Europäescher Unioun an der Irakkris bedauert. Hei am Balkan hëlt d'Europäesch Unioun hir Responsabilitéit, och hir militäresch. Mir wëssen, dass Krisen net nëmme mat Suen an diplomatesche Gespréicher geléist kënne ginn, mä dass och d'Sécherheet, wann néideg, militäresch garantéiert muss ginn. D'Fro stellt sech, ob Europa Recht hat an huet, um Balkan ze intervenéieren.

Ech sinn iwwerzeegt dass et haut allgemeng akzeptéiert gëtt, dass d'Europäesch Unioun emol op jidde Fall um europäesche Kontinent eng Verantwortung huet, fir Fridden a Stabilitéit ze garantéieren. Kee Bierger géif akzeptéieren, dass virun eiser Dier ethnesch Saiberungen, reliéis Verfolgungen, nationalisteschen Haass géife grasséieren.

Den Accord, Här President, dee mer hei virleien hunn, ass e Mosaikstee vun engem ganzen Dispositif, deen d'Europäesch Unioun mat dem Balkan opbaut fir Rou, Stabilitéit a Wuelstand, an duerfir stëmmt meng Fraktioun dësem Accord zou.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Freet nach een d'Wuert?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall. Dann ass d'Wuert elo un der Regierung, den Här Minister Fernand Boden oder den Här Statssekretär Eugène Berger.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och am Numm vun der Regierung dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen an och säin excellente mëndleche Bericht. Ech wéilt och deene verschiddene Spriecher merci soe fir hir pertinent Interventiounen. D'Regierung ass frou, datt hei Unanimitéit fir dee Projet ass.

Merci.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5057, mir stëmmen also elo iwwert dat virleiend Gesetz of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 57 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Zanussi), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Jos Scheuer), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jean Colombera), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

***(Assentiment)***

## 6. Ordre du jour

Dir Dammen an Dir Hären, domadder hätte mer eisen Ordre du jour vun haut erleedegt. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir en Dënschden den 13. Mee um dräi Auer, e Mëttwoch de 14. Mee um halwer dräi an en Donneschden de 15. Mee moies um néng Auer. Donneschdes nomëttes ass keng Sitzung.

D'Presidentekonferenz huet fir déi dräi Deeg folgenden Ordre du jour proposéiert:

En Dënschden den 13. Mee:

1. eng Froestonn un d'Regierung;

2. en Question avec débat vum Här Serge Urbany iwwert d'UNO;

3. eng Aktualitéitsstonn vun deene Gréngen iwwer een Testprogramm am Enseignement secondaire technique.

E Mëttwoch de 14. Mee:

1. de Projet de loi 5029 iwwert d'Bezéiung zwëschent dem Stat an de Privatschoulen;

2. de Projet de loi 5082 iwwert den Ersatz vun de Schoulmeeschteren am Préscolaire an am Primaire.

An en Donneschden de 15. Mee:

1. de Projet de loi 4635 iwwert d'Marchés publics;

2. de Projet de loi 4942 iwwert d'Eisebunnsinfrastruktur.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass also déi nächst Woch den Dënschden a fänkt um dräi Auer un. D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 16.32 heures)***

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

**Chamber TV**

*weist all öffentlech Sëtzung*

**live** *an* **integral**

*mat enger Rediffusioun*

*all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*

## Ordre du jour

1. Ordre du jour
2. Communications
3. Heure de questions au Gouvernement
   - Question N° 296 du 13 mai 2003 de Madame la Députée Marie-Josée Frank au sujet du forfait d'éducation, adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse
   - Question N° 297 du 12 mai 2003 de Monsieur le Député Ben Fayot au sujet du profil des enseignants du précoce, du préscolaire et du primaire, adressée au Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports
   - Question N° 298 du 13 mai 2003 de Monsieur le Député Robert Garcia au sujet de l'introduction de la nouvelle section G au sein du cycle supérieur de l'enseignement secondaire, adressée au Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports
   - Question N° 299 du 12 mai 2003 de Monsieur le Député Ben Fayot au sujet des suites à donner aux initiatives énoncées lors du mini-sommet sur la défense européenne du 29 avril 2003, adressée au Ministre de la Défense
   - Question N° 301 du 13 mai 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo concernant les conséquences du développement actuel de l'Euro, adressée au Ministre du Trésor et du Budget
   - Question N° 302 du 13 mai 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo au sujet de l'état de la procédure dans le projet de construction du Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation, adressée au Ministre aux Relations avec le Parlement
4. Question avec débat N° 28 de M. Serge Urbany relative à l'ONU et les relations futures entre Etats
5. Heure d'actualité demandée par le groupe Déi Gréng sur le projet pilote dans le cycle inférieur de l'EST

   *(Discussion générale)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Charles Goerens et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.00 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen?

***(Négation)***

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, kann ech eppes zum Ordre du jour soen?

M. le Président.- Jo.

### 1. Ordre du jour

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, compte tenu vum Fait dass mer en Donneschdeg de Moie jo zwee Projets de loi um Ordre du jour hunn, déi riskéieren eventuell laang ze daueren, a well jo Mëttes eng Rei vun eise Kolleege bei de Grand-Duc gebiede sinn, hate mer geduecht, mir géingen den éischte Projet de loi vun en Donneschdeg de Moien, de 4942 an de 5032, dat heescht deen iwwert d'Gestion de l'infrastructure ferroviaire muer de Mëtteg huelen, am Anschluss un déi zwee Projeten, déi souwéisou schonn um Ordre du Jour sinn. Mir mengen, mir kéimen domadder eise Kolleegen entgéint. De Minister ass d'accord fir muer de Mëtteg heihinner ze kommen.

M. le Président.- Ass d'Chamber d'accord mat där Propositioun?

***Vote par main levée***

Wien derfir ass, fir den Ordre du jour ze erweideren an deem Sënn, dass mer dee Punkt vun en Donneschdeg no vir zéien, fir e muer um Anschluss als leschte Punkt ze behandelen, deen ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Da gëtt et muer spéit.

M. le Président.- Jo, et gëtt muer e bësse méi spéit, besser dat, well et sinn 12 Buergermeeschteren, déi iwwermuer net hei sinn aus deene Grënn déi mer kennen, an, ech mengen, et ass besser mir hänke muer eng Stonn drun, da kënne mer dat uerdentlech maachen.

Si mer alleguerten d'accord? Ech bieden nach eng Kéier drëm d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Mir brauche keng Epreuve contraire ze maachen, déi grouss Majoritéit ass dofir. D'Propositioun vum Här Rippinger ass ugeholl.

### 2. Communications

Ech hunn Iech e puer Matdeelungen ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) La 108e Conférence interparlementaire s'est tenue du 6 au 12 avril 2003 à Santiago du Chili. La Chambre des Députés luxembourgeoise y fut représentée par son Vice-Président, M. Niki Bettendorf, M. Jeannot Krecké, Membre du Bureau et Mme Ferny Nicklaus-Faber, Présidente de la Commission de l'Egalité des Chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine.

La Conférence fut ouverte au Centro de Convenciones Diego Portales. Lors de la cérémonie inaugurale S.E. le Président de la République du Chili, Don Ricardo Lagos Escobar, avait à ses côtés le nouveau Président du Conseil de l'U.I.P., le Sénateur chilien Sergio Páez.

Après l'élection du Président et des Vice-Présidents de la 108e Conférence, dont M. Niki Bettendorf, le débat général sur la situation politique, économique et sociale dans le monde fut entamé sous la présidence de M. A. Zaldivar Larrain, Président du Sénat chilien. Parmi les propositions d'inscription d'un point supplémentaire à l'ordre du jour, introduites par différents pays et ayant toutes trait à la guerre en Irak et au terrorisme, ce fut finalement celle de l'Argentine qui obtint la majorité requise et fut portée a l'ordre du jour.

Plaidoyer pour un renforcement des institutions démocratiques.

Le rôle et la place des parlements dans le renforcement des institutions démocratiques et le développement humain dans un monde fragmenté, ainsi que la coopération internationale pour la prévention et la gestion des catastrophes naturelles transfrontières et de leurs effets sur les régions concernées furent d'autres sujets importants traités au cours de cette conférence au pied des Andes.

A part d'importants amendements à ses Statuts et Règlements et la création de trois nouvelles Commissions permanentes en matière de paix et de sécurité internationales, de développement durable, de finance et de commerce, ainsi que de démocratie et de droits humains, l'U.I.P., au sein de Comités et Réunions conjointes, s'est penchée sur des sujets qui préoccupent le monde. C'est ainsi que Mme Nicklaus-Faber a assisté à des réunions du Comité de coordination des femmes parlementaires et à un Panel sur le trafic des enfants, tandis que MM. Bettendorf et Krecké ont pris part aux réunions du Groupe des Douze + où, ensemble avec leurs collègues des pays de l'Union européenne et des pays associés, ils se sont concertés sur certaines positions communes à prendre en séance plénière.

La délégation luxembourgeoise a participé en outre aux votes sur les Résolutions et Amendements aux Statuts qui ont clos les débats.

Lors de la réception au Palais présidentiel, M. le Vice-Président Bettendorf a pu s'entretenir avec le Président de la République chilienne, tandis que toute la délégation a eu l'occasion de rencontrer Mme Isabel Allende Bussi, Présidente de la Chambre des Députés du Chili.

Pendant leur séjour au Chili, les membres de la délégation luxembourgeoise ont été les hôtes du Congrès chilien, du maire de Santiago, des Ambassadeurs de Belgique, de France, du Japon, du Royaume-Uni et de la délégation monégasque. Par ailleurs, ils ont pu rencontrer des représentants d'intérêts économiques luxembourgeois au Chili et s'entretenir avec d'anciens réfugiés chiliens au Luxembourg.

Après une semaine d'échanges d'opinions et de resserrement des liens entre les pays participants, les députés se sont quittés dans l'espoir que leurs débats permettront d'orienter les peuples du monde vers un développement économique et social fructueux qui esquissera les bases démocratiques pour le troisième millénaire.

* * *

Haut de Mëtteg hu mer als éischte Punkt eng Froestonn un d'Regierung. D'Froe kommen ofwiesselnd vun der Majoritéit an der Oppositioun. Als éischt hu mer d'Fro 296 vun der Madame Marie-Josée Frank un d'Familljeministesch iwwert d'Erzéiungszoulag. D'Madame Frank huet d'Wuert.

### 3. Heure de questions au Gouvernement

#### - Question N° 296 du 13 mai 2003 de Madame la Députée Marie-Josée Frank au sujet du forfait d'éducation, adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt d'Familljeministesch, d'Madame Marie-Josée Jacobs, froen, wéi den aktuelle Stand vum Ausbezuele vun der Erzéiungspauschal, d'Gesetz vum 28. Juni 2002, wär?

Ech si mer bewosst, dass am Februar zwou Questions parlementaires zu dësem Sujet gestallt gi sinn. Mëttlerweil si bal zwee an en halwe Mount vergaangen, an ëmmer erëm gëtt een dobausse gefrot, wéi dann den aktuelle Stand wär. Dofir wollt ech lech zwou Froe stellen:

- Wéi vill Leit benefisséieren de Moment scho vum Forfait d'éducation?

- Wéi vill Demandë si bis elo refuséiert ginn? Sinn déi Persounen, déi net considéréiert gi sinn, informéiert ginn, firwat si e Refus kritt hunn, an ass dee Refus och motivéiert ginn?

Ech soe merci a waarden op d'Äntwert.

M. le Président.- D'Madame Familljeminister, d'Madame Marie-Josée Jacobs, huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Ganze si 37.320 Demanden eragaange fir de Forfait éducation. De Moment sinn 11.911 Dossiere liquidéiert, 3.036 wäerten nach bis Enn vun dësem Mount liquidéiert sinn.

Et ass bis haut, fir op déi zweet Fro vun der Madame Frank ze äntwerten, kee Refus ausgesprach ginn. Et sinn awer 562 Dossieren, wou d'Leit matgedeelt kréien, datt se opgrond vun anere Compensatiounen, déi se kréien, doduerch datt se déi 3.000 Frang an hirer Pensioun mat ausbezuelt kréien, oder awer datt se se iwwert d'Babyjore mat ausbezuelt kréien, net vun deenen 3.000 Frang kënne profitéieren.

Refusë selwer si bis haut net ausgeschwat ginn. Wann der awer ausgeschwat ginn, dann ass et kloer, datt déi Leit eng Äntwert kréien, dat heescht, jiddferee kritt a senger Matdeelung explizéiert, wéi datt et funktionéiert, wéi vill Suen datt en zegutt huet, zum Beispill well en zwee Kanner huet, wéi vill datt d'Steieren doranner sinn, an och wéi vill datt déi sozial Sécherheet doranner ausmécht.

Wéi gesot, et bleiwe jo nach iwwer 22.000 Dossieren, déi bis elo net traitéiert sinn. Jiddferee kritt matgedeelt, ob en déi 3.000 Frang zegutt huet, ob e se a senger Pensioun mat ausbezuelt kritt - do sinn ongefeier 3.000 Dossieren, déi iwwert d'Pensiounsregimer traitéiert goufen - oder awer ob se duerch d'Erzéiungszäite mat an der Rent ofgerechent ginn.

Ech wär also frou, wann Dir dorëmmer mat de Leit schwätzt, hinne sot datt mir wëssen, datt et nach eng Zäitchen dauert, mindestens hat ech emol eng Kéier gesot bis Enn Oktober, fir datt elo net jiddfereen telefonéiert. De Fonds de solidarité ass amgaangen ze erdrénken an all deenen Demanden, a wann andauernd Leit telefonéiere fir ze froen, wéini se hir Sue géinge kréien, dat mécht natierlech d'Aarbecht net méi liicht.

Domadder denken ech, datt ech d'Froe vun der Madame Frank beäntwert hätt.

Merci villmools.

M. le Président.- Mir kommen zur Fro 297 un d'Erzéiungsministesch iwwert d'Ausbildung vun de Schoulmeeschteren an de Léierinnen. D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

#### - Question N° 297 du 12 mai 2003 de Monsieur le Député Ben Fayot au sujet du profil des enseignants du précoce, du préscolaire et du primaire, adressée au Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, mir hunn an der Commission de l'Enseignement supérieur e Projet amgaang deen äusserst wichteg ass, nämlech iwwert d'Université de Luxembourg. A wann d'Regierung et voll duerchzitt soll dee Projet virun Enn Summer gestëmmt sinn.

Et ass e Rahmegesetz am Kader vun deem eng ganz Partie Exécutiounsbestëmmunge musse geholl ginn. Mir wëssen, dass zu dësem Ableck nach laang net alles ka prett sinn, mä an den Diskussioune begéine mir awer ëmmer erëm Froen, déi mat der Exécutioun ze dinn hunn. Zum Beispill ass eng Diskussioun amgaangen iwwert d'Zuel vun de Jore vun der Schoulmeeschteschausbildung. Am Gesetzprojet steet, dass déi Ausbildung 180 ECTS, also europäesch Kreditter beinhalte soll. 180 au moins steet am Gesetz. D'Diskussioun ass, ob een déi schoulesch Ausbildung net soll op véier Joer amplaz dräi Joer erweideren. D'Schoulmeeschtere selwer froen e Master, dat heescht souguer nach iwwer véier Joer eraus.

Dat ka jo net ouni d'Matwierkung vun dem Ministère de l'Education nationale vir sech goen. De Ministère muss seng Virstellunge virleeën, wéi hien de Profil vun deenen Enseignanten am Précoce, am Préscolaire an am Primaire gesäit, selbstverständlech och an deenen Ordres d'enseignement déi duerno kommen. Et wär interessant vun der Madame Erzéiungsministesch e puer Indikatiounen ze kréien, wéi wäit dass déi Aarbechten an hirem Ministère fortgeschratt sinn, respektiv wéini dass ee sech kann Indikatiounen erwaarden.

Weider wollt ech wëssen, wéi d'Zesummenaarbecht tëschent dem Ministère de l'Enseignement supérieur an dem Ministère de l'Education nationale op deem Gebitt stattfënnt.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Erzéiungsministesch Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass kloer dass dat heiten e Projet ass, deen déi zwee Ministèrë concernéiert, an dass de Projet de loi iwwert d'Schafe vun der Universitéit vu

Lëtzebuerg e Projet vun der Regierung ass, an ech a menger Qualitéit als Educatiounsminister selbstverständlech do mat agebonne gouf.

Et ass och grad esou kloer, dass ee sech als Patron Gedanke muss maachen, wat fir e Profil e Mataarbechter muss hunn, an et ass besonnesch wichteg an engem vun deene gréissten a wichtegste Secteuren hei am Land, nämlech der Schoul mat hiren Enseignanten. Allerdéngs wëll ech betounen, dass dee Profil och zesumme mat deene Betraffene muss opgestallt ginn, well nëmmen da kann e Verbindlechkeet hunn.

Ech hu mech an der däitschsproocheger Schwäiz renseignéiert, wou ech kuerz war, déi eng realistesch a ganz pragmatesch Approche zu där Problematik hunn. Hei zu Lëtzebuerg ass och scho gutt Viraarbecht geleescht ginn um ISERP, wou eng ganz Partie Virschléi gemaach gi sinn, déi zesumme mat Leit aus dem Ministère de l'Education nationale diskutéiert gi sinn.

Ech wëll dem Här Fayot, dee Member ass vun der Kommissioun vum Enseignement supérieur hei an der Chamber, och soen, dass net nëmmen e Projet de loi virläit an der Chamber iwwert d'Reform vun der Universitéit, mä dass ech den 29. Januar op dëser Tribün konnt zwee Documents de réflexion déposéieren, deen een iwwert d'Schoul am allgemengen an deen anere méi spezifesch iwwert d'Primärschoul.

Projete ginn diskutéiert, zum Beispill deen iwwert d'Gesetz vun 1912 ënnert der Form vun engem Projet de loi, deen ëmgeschriwwe ginn ass, an allen Enseignanten zur Verfügung gestallt ginn ass wéi och de Schoulpartner, fir dass se Avisë solle maachen. An deenen Texter do si Virschléi dran iwwert d'Beruffsbild vum Enseignant, mä wëllt ech do awer gären e Feedback kréie vun de Betraffene selwer.

Et steet fir mech fest, dass fir e Schoulmeeschter esouwuel eng Universitärausbildung vläicht néideg ass, mä eng Ausbildung muss awer professionelle Charakter behalen an déi muss méi professionell wéi akademesch sinn. Wéi all Professionelle muss och de Schoulmeeschter iwwer Basisfäegkeeten, Wëssen, Attitüden a Kompetenz verfügen, fir dass hie säi Beruff kann optimal ausüben. An dat si fir d'éischt déi Handgréffer, déi engem Schoulmeeschter a Fleesch a Blutt mussen iwwergoen, mä wou en awer och muss wëssen, firwat en déi Handgréffer muss uwenden an déi en och muss an der deeglecher Praxis iwwerdenke kënnen.

Mat deene Basiscapacitéite mengen ech awer keng Kicherezepter, wéi verschidde Leit mer dat wëllen ënnerstellen, mä ech wëll virun allem d'Wichtegkeet vum praktesche Volet vun der Ausbildung an der Grondausbildung vun dem Schoulmeeschter ervirsträichen an och d'Wichtegkeet vun de Stagen.

Dat wat wuel wichteg ass fir e gudde Schoulmeeschter, dat ass awer net nëmmen d'Ausbildung, mä dat ass och d'Attitüd, an dat wëll ech ënnersträichen, en Enseignant muss einfach frou si mat de Kanner. Leit mat anere Motivatiounen hunn an der Schoul näischt verluer. Da kënnt derbäi, dass e Schoulmeeschter soll selwer och disziplinéiert sinn, soignéiert schaffen, also e Virbild sinn, e soll op si fir all dat Neit a bereet si sech weider ze bilden, an enger Equipe ze schaffen, op d'Elteren zouzegoen, fir mat hinne sech ëm d'Kand ze këmmeren. Dat sinn eng ganz Partie Qualitéiten, déi ee just ka begleeden, mä déi een net a sech kann enseignéieren, mä et kënnt och ganz vill vu bannen.

Dee Projet de loi, op jidde Fall wat de Profil vun den Enseignanten ubelaangt, stellen ech mer fir, dass mer do de Feedback kréien iwwert d'Consultatioun, déi mer elo hunn an der Reform vun de Gesetzer iwwert den Enseignement primaire, an dass mer dat dann an der Diskussioun vun der praktescher Ëmsetzung vun dem Gesetz iwwert d'Uni Lëtzebuerg kënne mat afléisse loossen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 298 vum Här Robert Garcia un d'Madame Erzéiungsminister iwwert d'Aféierung vun enger neier Sektioun am Lycée. Den Här Garcia huet d'Wuert.

## - Question N° 298 du 13 mai 2003 de Monsieur le Député Robert Garcia au sujet de l'introduction de la nouvelle section G au sein du cycle supérieur de l'enseignement secondaire, adressée au Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt eng Fro stellen iwwert déi künfteg Sektioun G, déi d'Sektioun A2 vun Troisième u soll ersetzen a wou e bëssen d'Angscht ëmgeet, dass aus der Sektioun A2 eng Sektioun D2 géif ginn.

Wéi d'Madame Ministesch virun enger Zäit ugekënnegt huet, dass déi nei Sektioun géif geschaaft ginn, du huet déi Sektioun sollen heeschen, Sciences sociales. An et si vill Leit, déi hu sech geduecht, dass dohinner géife Schüler a Schülerinne gelotst ginn, déi sech an deem Alter géinge vaguement interesséiere fir edukativ oder sozial Beruffer, déi dann eventuell spéider géifen an den INS, an den ISERP an an aner Filièrë gelotst ginn. An d'Madame Ministerin huet jo nach eng Kéier hei elo grad bestätegt, dass d'Motivatioun eng vun de wichtegste Virsaussetzunge wär fir an déi Institutioune schaffen ze goen, an dofir wär et gutt wann ee kënnt spéider esou wäit kommen, dass een amplaz Punkten an aner Kritäre fir d'Admissioun am ISERP an an anere Schoulen ebe géif d'Motivatioun vu Primaner a Primanerinnen uwenden.

Elo ass et awer esou, ech hat eng ähnlech Fro scho virun enger Zäit gestallt, an der Zwëschenzäit sinn awer ëmmer méi Elteren a Schüler a Schülerinnen déi sech froen: Solle mer am Hierscht op déi dote Sektioun goen? Wéi gesäit de Profil vun där Sektioun aus? Ass dat Volkswirtschaft amplaz Betribswirtschaft, déi dann op der Sektioun D ass? Déi Leit, déi de Profil ausgeschafft hunn, ware jo wahrscheinlech an der Majoritéit Ekonomisten, vu dass an dem Corps enseignant de Moment nach keng oder wéineg Leit sinn, déi e Profil vu Soziolog oder Pädagog oder Psycholog hunn, an dofir ass meng Fro: Wéi gesäit et aus mat där Sektioun G, Sciences sociales? Ass dat nach eng Sektioun, déi haaptsächlech op Volkswirtschaft axéiert ass, oder ass et éischter eng Sektioun, déi effektiv interessant kënnt si fir jonk Leit, déi sech spéider wéilte fir edukativ a sozial Beruffer interesséieren?

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Madame Minister Anne Brasseur huet d'Wuert.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Här President, am Projet de loi, dee mer gestëmmt hunn iwwert d'Reform vun der Division supérieure vum Enseignement secondaire, ass d'Spezialisatioun vun Troisième un no vir gezu ginn an do ass net nëmmen d'Sektioun G betraff, wat eng nei Sektioun ass, mä all Sektiounen, wou esouwuel hu missen de Profil wéi d'Programmer adaptéiert ginn. An dat ass och geschitt fir all Sektiounen, vun A bis G, wou d'Struktur feststeet.

Wat elo déi spezifesch Programmer ubelaangt, esou ass dat selbstverständlech elo nëmme fir d'Troisième fäerdeg gestallt ginn, d'Troisièmen, déi elo am Hierscht 2003 ulafen. D'Deuxièmë lafen am Hierscht 2004 un an d'Premièren am Hierscht 2005.

Et ass ganz kloer, dass nach net kann am Detail de Programm fir e Studium ausgeschafft ginn, deen 2005 eréischt uleeft. Wat ass d'Ausrichtung vun där Sektioun G? Mä déi Sektioun ass engersäits d'Sciences humaines et sociales an den Droit an et ass och d'Science économique, fir déi, déi manner op Mathematik ausgeriicht si wéi dat an der D-Sektioun de Fall ass. Et ass also eng méi wäitgefächert, eng manner spezialiséiert Sektioun, déi deene jonke Leit, déi op déi Sektioun ginn, méi Méiglechkeeten opléisst, fir duerno de Choix vun enger weiderer Formatioun kënnen ze maachen.

Mä nach eng Kéier, wéi gesot, déi Programmer betreffen net nëmmen d'Sektioun G, déi betreffen all déi aner Sektiounen an déi si fir d'Troisième elo fäerdeg gestallt an déi kënnen och consultéiert ginn. Wa Froen dozou sinn, kënnen déi selbstverständlech an deene verschiddene Gebaier nogefrot ginn, oder, wann een do net prezis genuch Äntwerte kritt, dann um Ministère, well da komme mer an d'Technik eran, wat de Kader hei vun der Chamber awer wäert sprengen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Mir kommen zur Fro Nummer 299 vum Här Ben Fayot un de Verteidegungsminister iwwert d'Gipfelkonferenz vum 29. Abrëll dëses Joers. Den Här Ben Fayot huet d'Wuert.

## - Question N° 299 du 12 mai 2003 de Monsieur le Député Ben Fayot au sujet des suites à donner aux initiatives énoncées lors du mini-sommet sur la défense européenne du 29 avril 2003, adressée au Ministre de la Défense

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, den 29. Abrëll 2003 hu véier europäesch Stats - a Regierungschefe sech zu Bréissel gesi fir déi europäesch Verdeedegungs- a Sécherheetspolitik weider ze bréngen. Si hunn eng Initiativ geholl, fir zesummen eng europäesch Unioun fir Sécherheet a Verdeedegung ze proposéieren. Déi Initiativ ass jo vill an der internationaler Press bëuergt ginn. Och ass Lëtzebuerg heiansdo e bëssen dobäi belächelt ginn. Ech muss allerdéngs constatéieren, dass zu Lëtzebuerg an der Chamber, an der Politik relativ wéineg dovunner geschwat ginn ass, weder an der zoustänneger Chamberkommissioun, nach soss op engem Plang. Dat ass alles also um héijen europäeschen Niveau gelaf.

Nu wësse mer, dass an deem Schlussdokument vun där Konferenz do eng ganz Partie Aussichte bestinn. Zum Beispill geet et drëm fir déi militäresch Capacitéite vun deene Länner auszebauen. Et geet drëm fir elo d'Investissementer am Equipement auszebauen, an ech erënnere mech, dass ech de Statsminister op der Televisioun gehéiert hunn zwee-, dräimol soen, dat géif elo net méi kaschten, dat géif esouguer vläicht nach méi bëlleg ginn, wa mer dat alles kënnten zesumme kafen. Ech hunn och gelies, dass déi Participatioun un där Europäescher Unioun fir Sécherheet a Verdeedegung géif bedéngen, dass een un europäesche Programmer deelhëlt, wéi dee vum Avion 8-400M, dass ee seng Capacitéite verbessert an esou weider.

Da sinn och siwe ganz konkret Mesuren an deem Dokument vereinbart ginn, wéi zum Beispill eng Capacité européenne de réaction rapide auszebauen. Dobäi muss ech drun erënneren, dass jo schonn esou eng Force de réaction rapide am Opbau ass. Et sinn och aner Propositiounen, Commandement européen de transport aérien stratégique. E gëtt en europäesche System vun Aide humanitaire proposéiert an esou weider.

Mech géing interesséieren, Här President, vum zoustännege Minister, wou Lëtzebuerg do iwwerall erakënnt? Wou ass d'Participatioun konkret, d'Participatioun vu Lëtzebuerg fir dee Projet, a wéi geet et weider? Ginn elo Aarbechtsgruppe gemaach fir déi europäesch Verdeedegungsunioun do weider auszebauen ënnert deene véier? Gëtt probéiert anerer ze fannen a wéi geschitt dat? Wéi ass do d'Lëtzebuerger Arméi mat implizéiert?

Dat si Froen, déi ee sech stellt a vläicht kënnt den Här Minister, wann e schonn amgaangen ass, ons och nach soen, wou mer mat der Affär vum Schëff dru sinn, wat mer och wëlle kafen.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Verdeedegungsminister Charles Goerens.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.*- Monsieur le Président, chers collègues, j'aimerais répondre dans une des langues officielles de l'alliance atlantique afin de prévenir tout devoir d'interprétation supplémentaire à la suite. Cette réponse constitue à la fois un message vers l'intérieur et aussi vers l'extérieur, raison pour laquelle j'aimerais donc continuer dans cette langue pour répondre aux éléments de question soulevés par Monsieur Ben Fayot.

A l'occasion de leur réunion du 29 avril 2003 sur la défense européenne à Bruxelles, les chefs d'états et les Gouvernements d'Allemagne, de France, du Luxembourg et de la Belgique ont publié une déclaration, dont le but est de donner un nouvel élan à la construction de l'Europe et de la sécurité et à la défense.

Madame la Ministres des Affaires étrangères ainsi que son homologue belge ont informé leurs collègues sur les résultats de la réunion du 29 avril 2003 à l'occasion de la Réunion informelle des Ministres des Affaires étrangères à Rhodes les 2 et 3 mai dernier. Ils ont eu l'occasion de noter en particulier que les évènements du 11 septembre 2001, les interventions militaires en Afghanistan et en Iraq ont mis en évidence la nécessité pour l'Europe de renforcer davantage sa politique étrangère, y compris sa politique de sécurité et de défense, et que les conclusions de la réunion du 29 avril 2003 étaient un apport supplémentaire à la réflexion au sein de la convention européenne et au plus tard à la conférence intergouvernementale.

L'initiative des quatre est une démarche européenne ouverte à tous les états membres et nous avons besoin de plus d'Europe sur les questions de sécurité et de défense dans l'union, mais aussi dans l'alliance. L'initiative a comme toile de fond des progrès accomplis depuis Petersberg, Cologne, Helsinki, et des résultats des rencontres franco-britanniques de St Malo et du Touquet.

L'initiative est à voir également en relation avec des coopérations plus étroites qui existent déjà entre différents états membres dans le domaine de la défense, notamment le corps européen, qui regroupe des forces terrestres avec une participation allemande, belge, espagnol, française et luxembourgeoise ou Eurofor, qui se base sur des contributions espagnoles, françaises, italiennes et portugaises, ainsi que Euromarfor, qui regroupe des forces maritimes, d'Espagne, de France, d'Italie et du Portugal, l'état major du premier corps germano-néerlandais qui regroupe des contributions allemandes et néerlandaises.

Pour ce qui est maintenant des suites à donner par le Luxembourg, celles-ci se situent tant au niveau institutionnel que opérationnel. Au niveau institutionnel les amendements luxembourgeois proposés à la convention sur l'avenir de l'Union européenne tiennent compte de nos ambitions politiques, notamment pour la coopération renforcée dans le domaine de la défense, la clause de solidarité et de sécurité commune, d'éventuelles obligations supplémentaires dans le cadre d'une coopération renforcée, la reformulation des tâches de Petersberg, la création d'une agence européenne de développement et d'acquisition de capacité militaire, la création d'un collège européen de sécurité et en particulier l'adoption d'un concept d'Union européenne de sécurité et de défense.

Nos propositions d'amendement seront coordonnées avec celles de trois autres pays d'initiative du 29 avril 2003.

Au niveau opérationnel des contacts seront pris avec la brigade franco-allemande et le corps européen, le cas échéant pour étudier la contribution luxembourgeoise d'un élément de reconnaissance à la capacité européenne de réaction rapide. Quant aux capacités de commandement et de contrôle disponible tant pour l'Union européenne que pour l'OTAN, les quatre Ministres de la Défense ont été chargés d'examiner ensemble l'établissement d'un quartier général multinational, déployable pour des opérations conjointes.

Quant à la création d'un noyau de capacité collective de planification et de conduite d'opérations pour l'Union européenne, nous entendons attendre l'évolution de la réflexion avant de prendre une décision définitive pour y affecter un officier.

Pour ce qui est des autres mesures concrètes, le Luxembourg s'y ralliera en fonction de ses disponibilités en ressources humaines et matérielles. Quant aux questions supplémentaires posées par l'honorable député, j'aimerais répondre premièrement aux aspects humanitaires et militaires qui ont été évoqués lors de cette réunion.

Notre délégation a eu l'occasion d'insister sur le caractère délicat de proximité d'action humanitaire avec des actions militaires, pas question de les mélanger, au contraire, la prudence est de mise.

Quant à l'airbus A400-M, le Luxembourg se portera acquéreur d'un airbus A400-M, qui sera livré au plus tôt en l'an 2017, cela nous permettra d'étaler dans le temps les dépenses luxembourgeoises, ce qui est aussi une réponse à l'impact budgétaire de cette acquisition, qui est un élément certes de nature à intéresser le Parlement qui a des prérogatives budgétaires à faire valoir en la matière, et en ce qui concerne le navire de transport belgo-luxembourgeois, ce projet a été amplement discuté lors des derniers débats budgétaires et aussi aux réunions de commission. Il n'y a rien de neuf à signaler en la matière.

## - Question N° 301 du 13 mai 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo concernant les conséquences du développement actuel de l'Euro, adressée au Ministre du Trésor et du Budget

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 301, déi kënnt vum Här Mars Di Bartolomeo un de Budgetsminister iwwert den Euro. D'Wuert huet den Här Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei senger Aféierung am Joer 1999 huet eis Währung, den Euro, sech direkt op säi bisheregen Héchststand vun 1,18 Dollar positionnéiert. Knapp zwee Joer méi spéit war deeselwechten Euro op säin negativ Rekord vun 0,82 Dollar oder 1 Euro fir 82,86 US-Cents erof gaangen.

Haut ass den Euro um Wee fir op säin Héchststand zréck ze fannen. An nëmmen engem Joer ass de Wäert vum Euro ëm 30% vis-à-vis vum Dollar an d'Luucht gaangen. Grënn fir déi Fluktuatioune si schwéier novollzéibar, oft si se méi psychologesch, wéi dass se eng direkt Ursaach vu wirtschaftlecher Kraaft oder wirtschaftlecher Schwächt sinn.

Dofir d'Fro un eise Budget- an Tresorminister: Wat sinn d'Ursaache vun der aktueller Stäerkt vum Euro? Si se haaptsächlech op de Wëllen zu engem méi schwaachen Dollar vun der US-Administratioun oder Zentralbank zréck ze féieren? Wéi ass d'Attitüd zu engem staarken Euro? Gëtt et, wéi dat am Ufank de Fall war, wéi den Euro agefouert ginn ass a wéi e säin Héchststand erreecht huet, Grond zur Freed oder éischter Suergen am Lager vun den europäesche Finanz- oder Tresorsleit? Wat ass positiv fir de Consommateur bei där doter Evolutioun, wann een elo mol vun deem direkten Impakt op d'Uelechpräisser ofgesäit?

A wat sinn déi prévisibel Konsequenze fir d'Wirtschaft? Wat, Här Tresorminister, sinn d'Schmerzensgrenze wou eenzel Fachleit am Moment driwwer orakelen, déi vun engem Stand vum Euro vun 1,20 bis 1,25 Dollar schwätzen, wa se iwwert d'Schmerzensgrenz schwätzen? Wéi ass d'Positioun vun den europäesche Regierungen an där doter Situatioun, och wann ee weess dass se d'Politik vun der Zentralbank nëmmen um Rand ka beaflossen? Wéi ass d'Positioun vun eiser Regierung wat eisen Ëmgang mam staarken Euro ugeet? A wat ass d'Attitüd vun der europäescher Zentralbank vis-à-vis vun der Fuerderung vun Expären, fir unzefänken op de staarken Euro anzewierken.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Fro do ass interessant, well virun e puer Méint hunn d'Leit, wa mer iwwert den Euro geschwat hunn, eis genau déi géigendeeleg Fro gestallt. Si hu gesot: „Mä, Dir hutt gesot do kënnt deen Euro, dat wär eng staark Währung, an elo gesidd Der, si ass vill méi schwaach wéi den Dollar".

D'Leit hu sech domadder eng Rei Suerge gestallt an et gesäit een haut, datt am Fong de Wäert, deen den Euro elo erëm huet, deen ass, an Dir hutt dorunner rappeléiert, deen am Fong geholl och säin Aféierungswäert war. Dee war deemools ëm 1,18, haut mengen ech ass den Euro, par rapport zum Dollar. bei 1,15, 1,16, sou datt mer also op deem Niveau erëm si wou mer bei der Aféierung waren.

Grondsätzlech menge mer, datt am Fong dee staarken Euro, dee mer elo erëm fonnt hunn, wesentlech mat dem Wäert vum Dollar zesummenhänkt, nämlech datt den Dollar duerch eng Rei vu Facteure méi schwaach ginn ass par rapport zum Euro. Derbäi kéint, datt den Euro elo héchstwahrscheinlech méi fundamental Date vun der europäescher Ekonomie reflektéiert, wéi dat virun e puer Méint de Fall war.

D'Finanzministere vun der Europäescher Unioun hunn och gëschter Owend doriwwer am Eurogroup diskutéiert an et war d'gemeinsam Meenung, datt am Fong dee méi staarken Euro positiv wär, well en e berouegenden Effet op d'Inflatioun huet. D'Präisdeierecht huet also do manner Drock, an zweetens gëtt et elo och méi Spillraum fir méi niddreg Zënsen ze hunn.

Dat ass keng Bewäertung a keng Amëschung an d'zukünfteg Zënspolitik vun der europäescher Zentralbank, mä et reflétéiert zum Deel déi Marge de manoeuvre, déi d'europäesch Zentralbank huet bei engem Euro, dee méi staark ass.

Mir menge schonn, datt dee méi staarken Euro, wéi mir en haut hunn, méi richteg ass wéi déi Situatioun, déi mer virun e puer Méint hei haten. De staarken Euro gëtt den europäesche Konsumente méi Kafkraaft, stimuléiert also och déi intern Demande, woubäi een awer och muss a Richtung Lëtzebuerg virun allem soen, datt am Fong d'Stäerkt vum Euro en neutrale Facteur haut ginn ass. Mir wëssen, datt mir 80% vun eisem Handel, souwuel Import wéi Export, mat Länner aus der Eurozon maachen, an dofir ass am Fong fir eis dee wichtegste Facteur 1999, 2002 an haut gewiescht, datt onofhängeg vum Wäert vum Euro par rapport zum Dollar, d'Lëtzebuerger ouni Währungsschwankungen hir Wuere kënne kafen, an déi Wueren, déi mir hei produzéieren, kënnen exportéieren.

Nëmmen e ganz geréngen Deel vun eisem Export geet a Länner, wou mam Dollar bezuelt gëtt, an et ass also nëmme bei deem klengen Deel vum Exportgeschäft, wou méi en héijen Euro eng negativ Konsequenz fir d'Exportgeschäft huet. E staarken Euro ass also fir de Lëtzebuerger neutral, voire zu engem ganz groussen Deel positiv, an do kënnt virun allem de Pëtrolspräis. Stellt Iech emol vir, mir hätte virun der Irakkris en nidderegen Euro gehat, a mir hätten e Pëtrolspräis gehat, deen zu engem gewëssene Moment bis zu 40 Dollar pro Barrel gaange wär, dann hätt ee sech kënne virstelle wat fir en Effet dat gehat hätt un der Benzinspompel. Mir hunn elo e Pëtrolspräis deen, Gott sei Dank, erëm erofgaangen ass, quitte datt en an deene leschte Stonnen och erëm liicht ugezunn huet wéinst deenen Attentater, déi a Saudi-Arabien geschitt sinn, mä alles dat spiere mer manner, well mer e staarken Euro hunn.

Dobäi ass och ee staarken Euro positiv fir deen Deel vun de Leit déi Reesen an déi Deeler vun der Welt maachen, wou mam Dollar bezuelt gëtt. Also grondsätzlech menge mer, datt dee staarken Euro, wann en op deem Niveau bleift, wou mir e fir de Moment hunn, vill méi Marge de manoeuvre gëtt, souwuel an der Zënspolitik wéi virun allem och e bremsenden Effet op d'Inflatioun huet. Et ass am Fong do, wou mer den Euro virun e puer Méint gewënscht hätten, wou en elo ukomm ass. En huet e minimalen Effet op en Deel vun den Exporter, Effort deen een an dësem Moment net soll iwwerbewäerten. Niddereg Zënse sinn an deem Kontext méi wichteg, well niddereg Zënse sinn am Intérêt vun der Entwécklung vun der Ekonomie.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 302, der leschter Fro vun haut. Déi Fro iwwert de Rehazenter kënnt vum Här Mars Di Bartolomeo an ass un den Här Biltgen, Minister fir d'Relatioune mam Parlament, geriicht. D'Wuert huet den Här Di Bartolomeo.

## - Question N° 302 du 13 mai 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo au sujet de l'état de la procédure dans le projet de construction du Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation, adressée au Ministre aux Relations avec le Parlement

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, säit dem 25. September 2002 läit dem Statsrot de Projet de loi fir d'Schafung vun engem Etablissement public fir de Bau an d'Gestioun vum Rehazenter vir.

Dëse Projet ass elo zënter siwe Méint beim Statsrot, an en ass an der Zwëschenzäit nach ëmmer net an der Chamber deponéiert ginn. Et kann ee mer soen, datt dat eng Prozedur ass, déi verteidegbar ass, datt een e Projet bei de Statsrot bréngt, ier een e bei d'Chamber deponéiere geet, mä an dësem Fall muss ee sech awer Gedanke maachen, firwat déi dote Prozedur gewielt ginn ass an net déi, déi an der Zwëschenzäit zur Norm ginn ass bei der Regierung, well normalerweis geet d'Regierung hin, si deponéiert e Projet, gëtt e gläichzäiteg un de Conseil d'Etat, d'Chamber. D'Kommission kann den Text analyséieren.

Et gëtt eng Diskussioun an der Opinion publique, an déi Diskussioun an der Opinion publique, déi fléisst an d'Aarbechte vun der Chamber eran, net onbedéngt an d'Diskussioune vun der héijer Kierperschaft vum Statsrot, déi iwwert deem Ganze steet, mä de Sënn vun der Prozedur fir de Projet an offizieller Form ze veröffentlechen, ass an eisen Aen déi gutt, wann et ëm e controverséierte Projet geet wéi deen heiten.

De Projet Rehazenter, och d'Exploitatiounsform an d'Gestiounsform vum Rehazenter sinn iwwer Joren an der Kontrovers gewiescht. Dofir wollt ech vum Här Minister, deen d'Relatioune mam Parlament soll an der Geruet halen, wëssen, firwat datt d'Regierung déi heite Prozedur gewielt huet, wou d'Chamber elo iwwer siwe Méint sech net konnt mat deem Projet ausernanersetzen? Ass et, esou wéi ech dat spieren, de Wonsch fir d'öffentlech Diskussioun iwwer e controverséierte Projet net zousätzlech unzeheizen, oder wat sinn déi genee Ursaachen? A wann et da keng aner Ursaache sollt ginn, Här Minister, wéini gëtt dee Projet dann am Parlament deponéiert?

Mer si prett fir en ze analyséieren, well wann et bei engem Projet Zäit gëtt fir datt mer en duerchhuelen, da bei dësem, well dëse Projet kënnt duerch de Moratoire scho fënnef Joer méi spéit a gëtt duebel esou deier wéi geplangt.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Minister fir d'Relatioune mam Parlament, den Här François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre aux Relations avec le Parlement*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech dës Fro beäntweren, muss ech awer zwou Froe vun der Irrecevabilitéit hei opruffen, wou ech frou wär, wann d'Conférence des Présidents géif doriwwer diskutéieren.

Déi éischt Irrecevabilitéit vun dëser Fro läit nämlech dran, datt den Här Mars Di Bartolomeo genee déiselwecht Fro schonn den 18. Mäerz 2003 gestallt huet.

Déi zweet Irrecevabilitéit läit dran, datt de Parlamentsminister net zoustänneg ass fir den Dépôt vun de Projets de loi. Et ass ëmmer dee jeeweilege Minister, deen iwwer en Arrêté grand-ducal vum Groussherzog perséinlech autoriséiert gëtt den Dépôt ze maachen. Dee Moment, wou den Dépôt gemaach ass, ass de Parlamentsminister saiséiert fir déi aner Saache weider ze dreiwen.

Mäi Frënd, de Carlo Wagner, huet mer awer déi néideg Informatioune ginn, an ech soulevéieren déi Irrecevabilitéiten nëmmen, well ech gären hätt datt eng Kéier driwwer diskutéiert gëtt. Ech wäert lech awer d'Äntwerte ginn.

Éischtens wëll ech soen, datt déi normal Prozedur nach ëmmer war bei engen Projet de loi, datt de Statsrot éischter saiséiert gouf wéi d'Chamber. An der leschter Zäit huet sech dat e bëssen aneschters gemaach, mä et war fréier üblech, datt de Statsrot fir d'éischt saiséiert gouf. Woufir? De Statsrot ass am Lëtzebuerger System keng zweet Chamber, mä et ass en Organ wat niewent dem Exécutif ass, fir deen ze beroden. Dobäi kënnt, datt mer jo festgestallt hunn datt d'Chamber ganz selten eng öffentlech Debatt ufänkt ier den Avis vum Statsrot do ass, esou datt et oft wichteg ass datt den Avis vum Statsrot kënnt. Esou datt op alle Fall hei d'Initiativ vum Gesondheetsminister, fir de Statsrot ze befaassen, schonn direkt net geduecht ass fir d'Chamber auszeschléissen, mä einfach geduecht ass fir esou séier wéi méiglech den Avis vum Statsrot och ze hunn, vu datt d'Chamber da kann hir Debatten ufänken.

Wat de Bau ubelaangt, wëll ech da Folgendes soen. Den 18. Mäerz, wou Är éischt Fro erakomm war, war scho Folgendes kloer: Den Terrain war reklasséiert. D'Prozedur fir déi Terrainen ze kafen, déi gebraucht ginn, déi war och schonn dee Moment amgaang. Den Avant-projet de loi sommaire, dat ass dat wat den Här Di Bartolomeo elo ugespillt huet, den Avant-projet de loi sommaire - ech insistéieren op sommaire -, deen ass vum Regierungsrot de 6. September 2002 ugeholl ginn. Den Avant-projet de loi détaillé ass de 14. Mäerz, also elo virun zwee Méint der Commission de la planification hospitalière virgeluecht ginn. Den Dossier Kommodo-Inkommodo ass och schonn an därselwechter Zäit esouwuel der Gewerbeinspektioun wéi dem Environnement weider gereecht ginn. Déi provisoresch Baugenehmegung ass ugefrot.

Wat ass elo zënter dem 18. Mäerz, der leschter Fro vum Här Di Bartolomeo geschitt? Den Avis vun der Commission de la planification hospitalière ass de 5. Mee 2003 ofgeliwwert ginn, an d'Akten iwwert de Kaf vum Terrain ginn an deenen nächste Woche fäerdeg. De Planning, sou wéi e vu Regierungssäit a vum Gesondheetsminister envisagéiert gouf, gëtt also nach wie vor respektéiert, esou datt ee kann dovun ausgoen, datt den Terrassement sech kéint am November vun dësem Joer maachen, an de Bau selwer am Abrëll 2004, fir datt d'Gebailechkeeten da géifen am zweeten Trimester 2006 kënnen ugefaange ginn.

Déi konkret Fro vum Här Bartolomeo: Woufir läit dee Projet elo nach net bei der Chamber? Dat huet eng reng technesch Ursaach, nämlech ass et esou datt d'Surface vun deene Parzellen nach net ausgemooss ass. De Statut vum Etablissement public huet a sengen Annexë Pläng, wou d'Surfacen dra si vun deene Parzellen déi mer brauchen. Déi Parzelle mussen awer fir d'éischt genee vun deenen zoustännegen Autoritéiten ausgemooss ginn. De Relevé cadastral, dee muss an d'Annexe kommen, deen ass nach net do. Dat wäert sech Ënn dëses Mounts oder ufanks vum nächste Mount maachen. Eréischt wa mir dat hunn, ass de Projet wierklech fäerdeg fir gestëmmt ze ginn. Dat ass d'Ursaach, datt nach net déposéiert gouf. Dat wäert awer elo ganz séier geschéien.

De Statsrot huet ee Projet de loi, woubäi een och muss wësse wat d'Roll vum Statsrot ass, dat ass nämlech elo manner sech mat de klenge Surfacen auserneen ze setzen, mä och fir op deene grousse Prinzipie Stellung ze huelen. E Projet kann awer hei an der Chamber net gestëmmt ginn, an Dir wäert deen Éischten, deen et géif bemängelen, wann do kleng Detailsaachen net ausgemooss wären, an dat geschitt an da kënnt dee Projet heihinner an de Planning gëtt agehalen.

M. le Président.- Sou, als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Question avec débat Nummer 28 vum Här Serge Urbany iwwert d'UNO. Et handelt sech hei ëm eng Demande d'interpellation, déi laut Artikel 83 vum Chamberreglement an eng Questioun ëmgewandelt ginn ass. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou.

D'Wuert huet elo den Här Serge Urbany.

## 4. Question avec débat N° 28 de M. Serge Urbany relative à l'ONU et les relations futures entre Etats

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi vill Debatten, déi mer hei an der Chamber hate virum Irakkrich, waren ouni Zweiwel nëtzlech an och eppes Neies fir dat Parlament hei. Si ersetzen awer a mengen Aen net eng grondsätzlech Debatt iwwert d'Völkerrecht an iwwert déi zukünfteg international Bezéiungen no deem Krich do.

Et misst een hei op d'Geschicht vun den internationale Relatioune kënnen agoen. Op d'mannst misst een d'Léieren aus dem Entstoe vun deenen zwee Weltkricher am 20. Jorhonnert zéie kënnen. Et war den amerikanesche President Wilson, deen 1917 zum Schluss vum Éischte Weltkrich d'Verhandlungen tëschent Groussmuechten ersetze wollt duerch e kollektive Sécherheetssystem op der Basis vum internationale Recht. E war deemools a sengem Land isoléiert an et huet missen den Zweete Weltkrich kommen ier en anere President, de Roosevelt, an déi Alliéiert d'UNO gegrënnt hunn an domadder d'Basis geluecht hu fir eng modern international Legalitéit.

Déi grouss Prinzipien dovunner ware souverän Gläichheet vun alle Staten, absolute Krichs- a Gewaltverbuet, Verbuet vun der Amëschung an intern Ugeleeënheeten, d'friddlech Bäileeung vun internationale Streitegkeeten, Gewaltmonopol beim UNO-Sécherheetsrot - dat ass déi Fro, déi am Mëttelpunkt vun der Irakkris stoung -, a Selbstverteidegung nëmmen zäitweileg a bei engem onmëttelbaren Ugréff.

Ech wëll net soen, dass déi Prinzipien hei ëmmer ugewannt gi sinn zënter 1945. D'Groussmächten hunn ëmmer an hirem Hannerhaff och Kricher gefouert oder féiere gelooss. Imperial Bestriewungen hunn an der Praxis ëmmer eng Roll gespillt, grad wéi och d'Gläichgewiicht vum Schrecken. Trotzdeem war dee kollektiven UNO-Mechanismus ëmmer e Gradmiesser vum Handelen, ënnert der Kontroll vun der UNO-Vollversammlung a vum internationale Geriichtshaff.

Déi führend Kreesser an den USA hunn awer elo eng nei Weltuerdnung ugekënnegt, déi baséiert op éischtens dem zäitlech, raimlech a konzeptuell onbegrenzte Krich géint dee sougenannten Terrorismus. Zweetens dem neie strategesche Prinzip vun der preventiver sougenannter Selbstverteidegung, also Verteidegung ier en Ugréff do ass. Dréttens dem Wëlle si duerch schnell asetzbar vollintegréiert Streitkräften an allen Ecker vun der Welt duerchzesetzen. A véiertens der Ënnerstëtzung vun esou enger Politik duerch eng Koalitioun vun deene Wëllegen, déi méi u Vassale wéi un Alliéiert erënnert.

Et ass d'Opfaassung, déi sech dohannert verstoppt, vun enger unipolarer Welt, an där et eng wirtschaftlech a militäresch Leedmuecht gëtt. Dee „brave new world" do ass awer milliounefach ofgeleent ginn an deene vergaangene Méint bei deenen iwwerwältegenden, massive Friddensdemonstratiounen uechtert d'Welt an och zu Lëtzebuerg.

De Krich am Irak war dofir och eng politesch a moralesch Nidderlag fir déi, déi en ouni Mandat gefouert hunn, an dat ëmsou méi wou deen offiziellen Ulass vun deem Krich do, iwwert dee mer vill hei an der Chamber diskutéiert hunn, déi faméis "arms of mass-destruction" an d'Connexion vum irakesche Regime zum Al-Qaida-Netz, sech als pur Loftblosen erwisen hunn.

Den UNO-Sécherheetsrot huet domadder nodréiglech Recht kritt a senger Ofleenung vum Krich. Wou en awer net Recht kritt huet, dat war menger Meenung no a senger jorelaanger Politik vu Stranguléierung vum irakesche Vollek duerch onberechtegt Sanctiounen, a wou en och net Recht kritt huet, dat war a senge villen aneren Décisioune vun den 90er Joren, déi menger Meenung no déi politesch Basis eréischt geschafen hu fir dëse Krich, well och de Kosovo-Krich an och den Afganistan-Krich sinn net mat engem ausdrécklechen UNO-Mandat am Ufank gefouert ginn. Si sinn nodréiglech legitiméiert ginn an ech froe mech, ob dat net och elo soll geschéie bei dësem Krich, ob dat net ugestrieft ass vu verschiddene Säiten, nëmme fir bei der Verdeelung dobäi ze sinn.

Oder mussen net vläicht vill méi déi Verantwortlech un deem illegale Krich sanctionnéiert ginn, an dat opgrond vun enger klorer juristescher Definitioun vum Agressiounskrich, déi souwuel an der UNO-Charta selwer wéi och zum Beispill am Statut vum neien internationale Strofgeriichtshaff virgesinn ass? Wat fir Méiglechkeete gëtt et do? Dat soll een emol analyséieren.

Ech stelle mer och d'Fro, ob Europa muss den USA noäiferen a selwer mat sengen Agräiftruppen Interessenssphäre verteidegen an der Zukunft. Wat kann d'Roll nach si vun der NATO nom Enn vum kale Krich? Muss eng Wirtschaftsuniouun wéi d'EU iwwer eng eege Verdeedegungspolitik verfügen an domat selwer Groussmachtpolitik maachen? Oder wier net vläicht d'Chance ze ergräife vun enger ausschliesslech regionaler Sécherheetspolitik iwwert d'Nofolgekonferenz vun Helsinki, der OSCE?

Wéi ass et mat der legaler Basis vu militäreschen Asätz vu Lëtzebuerger Zaldoten uechtert d'Welt? Däerfe militäresch Verträg iwwer Benotzungsrechter vun eisem Territoire ausserhalb vun all UNO-Mandat duerch Awacs-Fligeren, WSA-Militärlager oder NAMSA-Militärlager iwwerhaapt agehale ginn? Si se net illegal?

Wéi sinn déi sougenannt humanitär Missiounen ze bewäerten? Misst d'Mënscherechtskonventioun net och prioritär iwwer all ekonomesch a sozial Décisiounen, och deene vun der Welthandelorganisatioun stoen? A wéi misst den Irak ënnert deene Viraussetzungen opgebaut ginn? Wéi wier och d'Roll vun der Zivilgesellschaft a vun der öffentlecher Meenung an der UNO-Konstruktioun an der Zukunft?

Dat wieren ongeféier déi Wierder gewiescht, déi ech menger Interpellatioun hätt wëlle viraussetzen. Wat hätt misse konkret geschéien? Dat hätt ech wéilten an där Interpellatioun développéieren. Dat kann ech jo elo net. Déi Froe wende sech dofir alleguerten un d'Ministesch. Ech bedauere fir mäin Deel, dass meng Interpellatioun ëmgewandelt ginn ass an eng Question avec débat, wéi et heescht am Reglement, a Wierklechkeet jo awer an eng Question sans débat, well d'Fraktiounen huelen net heizou Stellung an ech selwer hunn nëmme fënnef Minutten, déi ech schonn iwwerschratt hunn, fir meng Iddien ze développéieren, an d'Ministesch huet zéng Minutte fir drop ze äntwerten. Ech wënschen hir dann nach vill Spaass.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess net op et vill Spaass ass op déi Fro do ze äntwerten, well et ass jo am Fong doudeescht ëm wat et hei geet, an ech mengen den Här Urbany huet och ganz gutt verstanen an ech sinn em dankbar am Viraus fir dat Verständnis, datt all déi Froen, déi en zum Schluss opgeworf huet, alleguerte ganz wichteg sinn, an awer all Fro wier der Méi wäert, datt ee se a laangen a fondéierten Diskussioune kënnt begleeden a beliichten. Dofir ginn och meng zéng Minutte mir net duer. Dofir kann och ech nëmme versichen allgemeng op déi Froestellung anzegoen, déi den Här Urbany hei opgeworf huet. Wat ech awer net méi wëll maachen, dat ass all déi nämlecht Froen nees opwéckelen, déi mer am Virfeld vum Irakkrich hei haten. Mir hunn dat oft genuch gemaach.

Mir stelle fest, datt den Irakkrich, datt de Konflikt, d'militäresch Aktioun u sech eriwwer ass an datt et der ganzer internationaler Gemeinschaft de Moment dru geleeën ass déi Faillen an déi Konflikter, déi sech doraus erginn hunn, éischter hanner sech ze bréngen an ze versichen no vir ze kucken, fir zesummen ze schaffen. Dat ass esouwuel wouer um Plang vun der Europäescher Unioun wéi um Plang vun der NATO, wéi och um Plang vun der UNO. Well wann och d'Diskussioun iwwert déi nei Resolutioun, déi virgeluecht ginn ass dee leschte Freideg, weess Gott nach net eriwwer ass, esou ass awer de Fait, datt d'Amerikaner zesumme mat den Engländer eng Resolutioun dem Weltsécherheetsrot virgeluecht hunn, awer och en Zeechen an e kloert Zeechen an e positiivt Zeechen, datt och si déi ganz komplex Froestellung, déi et och no der militärescher Aktioun am Irak gëtt, zesummen am Kader vum Weltsécherheetsrot wëllen ugoen, an ech mengen dat Zeechen, iwwer all Diskussiounen, déi am Kader vun där Resolutioun nach wäerte geféiert ginn, soll een awer net verkennen.

Den Här Urbany huet dann déi allgemeng Fro vum Multilateralismus, well ech mengen et muss een et an dee Kader stellen, opgeworf. Huet en nach ee Sënn? Mécht en nach ee Sënn? Kann en nach fonctionnéieren oder wäert den Unilateralismus d'Iwwerhand huelen? Ech kann och do nëmmen nees op dat zréckweisen, wat ech den 1. Abrëll hei op der Tribün gesot hunn am Kader vu menger Debatt iwwert d'Aussepolitik.

Fir eis ass et ganz kloer, a Gott sei Dank net nëmme fir eis, datt de Multilateralismus en enorm wichtege Bestanddeel vun engem harmoneschen Zesummeliewe vun net manner wéi 191 Natiounen op dëser Welt muss sinn an et huet keen eng valabel Alternativ dozou. Datt natierlech dat Zesummeliewen an d'Organiséieren zwëschent 191 Natiounen, mat ganz verschiddenen Intérêten, mat ganz verschiddenen Ausriichtungen, net einfach ass an och net problemlos iwwert d'Bühn geet, dat huet spéitstens eben dee ganze Konflikt an d'Diskussioune ronderëm d'UNO ons gewisen.

Wou leien also d'Faillen oder wou leien d'Schwaachpunkten? Loosse mer eis drun erënnere wat d'UNO ka maachen a wat se soll sinn. Dir hutt d'Prinzipien nach eng Kéier widderholl a fir Zäit ze spuere maachen ech et net nach eng Kéier. Mä all déi Prinzipie sinn haut esou wouer wéi se eben nom Zweete Weltkrich waren. Mir hunn eis dee Moment, a wann ech soe mir, da sinn et d'Staten, d'Stategemeinschaft, well loosst mer net vergiessen, d'UNO besteet nëmmen aus eben engem Zesummeschaffe vun de Staten, an d'Staten u sech sinn nach ëmmer fir hir Leit responsabel, fir d'Sécherheet vun hire Leit. An zwëschent deene State ginn et verschidden Intérêten a mir hunn dat jo och gesinn, wéi am Kader vun Irakkrich, eben am Kader vum Weltsécherheetsrot déi Interesselag ganz anescht ageschat ginn ass vun deenen engen a vun deenen aneren.

Mir waren eis eens fir ze soen, de Weltsécherheetsrot huet et net fäerdeg bruecht déi Irakkris op eng friddlech Aart a Weis ze entschäerfen. Mir waren eis all heibannen eens iwwert d'Geforen, déi dovunner konnten ausgoen, och iwwert d'Noutwendegkeet vun der Entwaffnung vum Irak, mä d'Weltgemeinschaft huet et net fäerdeg bruecht, dat op eng friddlech Aart a Weis bis zum Schluss ze féieren.

Firwat? Mä well déi verschidde Meenungen am Weltsécherheetsrot zum Ausdrock kommen. Déi eng fannen de Weltsécherheetsrot hätt net funktionéiert well an engem Stadium, wou mir eben nach net um Enn vun den Décisioune waren, schonn de Spektre vun engem Veto gewise ginn ass, wat deenen anere signaliséiert huet, et huet kee Wäert méi weider ze sichen - ech soen Iech elo wéi et vun deenen engen an deenen anere gesi ginn ass, ouni ze soe wou elo onbedéngt déi richteg Aschätzung loung -, an anerer hu fonnt datt sech eben net genuch Zäit geholl gi wär fir eng aner Léisung ze sichen.

Wann ech dat nach eng Kéier hei soen, dann ass et fir zum Beispill d'Fro opzewerfen: Ass d'Manéier wéi d'UNO de Moment funktionéiert, dat heescht mat engersäits dem Weltsécherheetsrot bestehend aus 15 Länner, fënnef permanenter an zéng déi op eng periodesch Aart a Weis gewielt ginn, mat fënnef Länner déi de Veto hunn, déi beschte méiglech Léisung, fir wa méiglech zu Décisiounen ze kommen, déi wäitgehenst géinge verhënneren, datt d'Krisesituatiounen duerch militäresch Aktioune kënne geléist ginn?

Dat alles sinn och déi Froen, déi am Raum stinn, an Dir hutt et selwer gesot, Här Urbany, d'UNO ass eben Zesummenaarbecht vun nationale Staten, vu souveräne Staten, an hei ass eng Diskussioun déi zënter engem Jorzéngt op mannst an der Luucht ass. An dat steet an de Prinzipie vun der UNO, non ingérance, datt also d'Staten, am normalen Zesummeliewen, sech net an d'inner Ugeleeënheete vun engem Stat amëschen, dat bréngt awer mat sech datt ee verschiddenen onmënschlech oder humanitär Krise vu bausse muss nokucken an am Fong legal kee Moyen huet fir ze intervenéieren.

An dat huet vun iwwer zéng Joer schonn de Kofi Annan dozou bruecht, fir zu engem Droit d'ingérance humanitaire opzeruffen. Jiddfereen heibanne versteet wat dat ass, wann am Kosovo och ouni Legitimitéit, op alle Fall am Ufank, agegraff ginn ass, da war et eben, fir hei enger humanitärer Kris virzebéien, a fir net méi mat nozekucken, wéi wierklech ethnesch Säuberunge virgeholl gi sinn.

Am Kader vun der UNO besteet awer dofir keng legal Basis, obscho se schonn oft gefuerdert ginn ass. Dat dote sinn also ganz sécher Pisten, wou ee kéint versichen, fir eben der UNO, der Weltgemeinschaft, méi Moyenen ze ginn, fir humanitäre Krise virzegräifen, wann ee Stat - an dat ass am Fong de kruziale Punkt -, dee prioritär a prinzipiell responsabel fir d'Sécherheet vu senge Leit ass, där Obligatioun net méi entgéint kënnt, dat kann dann d'Weltgemeinschaft hunn. Do huet de Moment d'UNO och net déi Moyene fir dee Moment ze intervenéieren, a mir gesinn awer datt dat eng Realitéit ass, déi leider ze oft de Moment och nach geschitt.

Mä zënter zéng Joer gëtt versicht am Kader vun der UNO och d'Regelen - et kann ee roueg soen, d'Spillregelen - nei ze definéieren. Mä och an zéng Joer hu mer et net fäerdeg bruecht fir do e Konsens tëschent 191 Staten ze fannen. Vläicht ënnert dem Drock - a wann een Optimist ass, muss ee jo och alt an deene méi schwierege Situatioune Positives versichen eraus ze schielen -, vläicht ënnert där schwiereger Situatioun, déi sech eben duerch den Irakkonflikt erginn huet, ass de Bewosstsënn, datt een nei Weeër muss aschloen, datt ee sech nei Moyene muss ginn, fir eben a Krisesituatioune kënnen ze intervenéieren, komm. Vläicht bréngt dat eben déi Décisiounen, déi bis elo net méiglech waren.

Wat de Recours aux forces ubelaangt, do huet den Här Urbany och Froe gestallt, an et géing hei ze wäit féiere fir op all déi anzegoen, mä do, contrairement zu deem wat och geduecht gëtt, gesäit d'Charte vun der UNO ganz gutt vir, datt d'State sech kënne wieren. Dee Prinzip ass ganz kloer virgesinn, datt e Land, wat aggresséiert gëtt, sech ouni iergendeng Autorisatioun ka wieren, et steet an de Statute vun der UNO, datt och d'UNO selwer ka recommandéieren, an erlaben, militäresch virzegoen, et steet och am Artikel 42 vun der Charte vun der UNO. D'Uwendung vu Gewalt, also eppes wat net ausgeschloss ass am Kader vun der Charte vun der UNO, mä ënnerläit ebe gewësse Prinzipien, a wéi ëmmer muss de Weltsécherheetsrot eng Décisioun à la majorité huelen, mä wou ebe kee vun deene fënnef Länner, déi d'Vetorecht hunn, sech opposéiert, an do wësse mer, datt et ebe just do ass, wou eben heiansdo d'Décisioune scheiteren, mä et ass awer schwiereg, fir och de Moment do Ännerunge virzehuelen.

Wat d'Lëtzebuerger Interventioun vun der Arméi ugeet, do mengen ech brauch ech nëmmen op den Artikel 37 vun eiser Constitutioun ze verweisen, dee ganz kloer virgesäit, datt nëmmen de Grand-Duc kann eis Jongen an de Krich schécken, nodeem en dofir vun der Chamber hei autoriséiert ginn ass. Dat ass den Artikel 37 an dee Vote muss à la majorité des deux tiers et les trois quarts des députés étant présent geholl ginn.

Dir hutt awer och, ofgesinn eben elo vun dem UNOs-Kader, déi interessant an déi fir eis aktuell Fro gestallt, wéi soll Europa sech besser virbereeden op déi Erausfuerderungen déi eng globaliséiert Welt mat sech bréngt, a wou d'Krisesituatioune riskéieren awer ëmmer méi grouss ze ginn, och um Plang besonnesch vum Terrorismus. Dir wësst, datt den Terrorismus eng vun deenen Erausfuerderungen ass, mat där net nëmmen Europa, mä och d'Weltcommunautéit konfrontéiert ass.

Ech kommen net op dat zréck, wat den Här Goerens elo virun zéng Minutten hei op der Tribün nach eng Kéier duergeluecht huet. An Europa ginn de Moment eng ganz Rei Ustrengunge gemaach, fir sech eben hei besser ze preparéieren, an d'Initiativ vun deene véier Länner vum 29. Abrëll ass näischt anescht dozou. Net méi spéit wéi dës Woch ginn am Kader vun der Konventioun eng Rei Propositioune vun de Lëtzebuerger Vertrieder an der Konventioun soumettéiert - och dem Här Fayot -, fir eis besser Moyenen ze ginn, fir op eng besser Aart a Weis kënnen deenen Défier, déi do op eis duerkommen, ze begéinen. Ob mer allerdéngs an Europa - en Europa vu 15, vu 25 a muer vu 27 - do e Konsensus kréien, dat wäerten déi nächst Méint an Diskussiounen eis weisen.

Mä fir ofzeschléisse wëllt ech datselwecht widderhuelen, wat den Här Urbany ugefaangen huet, an ech mengen dat ass ganz positiv. Mir hunn nach ni esou vill iwwer Aussepolitik a Verdeedegungspolitik geschwat wéi an deene leschte Méint. An ech mengen datt d'Allgemengheet sech bewosst gëtt vun der Wichtegkeet vun eben enger gutt funktionéierender Aussepolitik a Verteidegungspolitik, an dat eent geet mat deem aneren. Wann, wéi gesot, bei allem Schlechten eppes gutt war, da war et dat doten, an ech hoffen datt mer déi Diskussioun op anere Plazen, wou mer da vläicht e bësse méi Zäit hunn, méi ausféierlech zesumme féiere kënnen.

Merci.

M. le Président.- Här Urbany, wëllt Dir d'Wuert nach eng Kéier ergräifen?

***(Négation)***

Gutt, dann hätte mer domadder dee Punkt ofgeschloss. An dann huet fir haut de Mëtteg den Här François Bausch am Numm vun der Fraktioun vun deene Gréngen eng Aktualitéitsstonn iwwer een Testprogramm am Enseignement secondaire technique ugefrot.

D'Riedezäit ass nom Artikel 78 vum Chamberreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir:

Der Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktioune jeeweils fënnef Minutten, der Sensibilité politique zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn. Et sinn agedroe bis elo: déi Häre Wiseler a Fayot, d'Madame Durdu, déi Häre Colombera a Garcia. D'Wuert huet elo den Här Robert Garcia als Vertrieder vun der Fraktioun vun deene Gréngen, déi dës Aktualitéitsstonn ugefrot hunn.

## 5. Heure d'actualité demandée par le groupe Déi Gréng sur le projet pilote dans le cycle inférieur de l'EST

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wollt lech vorab direkt froen, ob Dir mer e puer Sekonne kéint zousätzlech ginn, well ech sinn hei an där komescher Situatioun en Dokument ze presentéieren, wat net an der Kommissioun presentéiert ginn ass, wat awer an der Öffentlechkeet diskutéiert ginn ass. A fir dass iwwerhaapt een eppes versteet, misst ech vläicht awer eng oder zwou Minutten dofir hunn, fir einfach emol ze erklären iwwer wat ech hei schwätzen. Ech hunn nämlech gemierkt, dass deen een oder deen anere Kolleeg Schwieregkeeten hat dat Dokument ze kennen.

M. le Président.- Wann d'Chamber d'accord ass, dass dat generell gemaach gëtt.

***(Interruptions)***

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Et ass just fir zwou Minutten.

***(Interruption)***

Fir eng Kéier, just kuerz.

Bei deem Dokument hei, Här President, handelt et sech ëm en Dokument wat de 16. Januar vun dësem Joer dem Collège des Directeurs vum EST presentéiert ginn ass a wat heescht de Cycle inférieur de l'enseignement secondaire technique, présentation d'un projet pilote.

Et handelt sech also ëm eng Propositioun vun engem Pilotprojet, dee vun engem Aarbechtsgrupp ausgeschafft ginn ass, wou anscheinend net alleguer Branchë vum Cycle inférieur vum EST representéiert waren, a bis d'Fuesent 2003, also innerhalb vu sechs Wochen, sollte sech d'Lycéeën entscheeden, ob se géife matmaache bei deem Pilotprojet oder net. Menges Wëssens hunn de Moment dräi Lycéeë sech bereet erklärt bei deem Pilotprojet matzemaachen.

Ech kann natierlech nëmme ganz karikatural grouss Linne resüméieren ëm wat dass et an deem Pilotprojet geet. De Constat vun deem Projet seet: Mir hunn ze vill Echecen am EST am Cycle inférieur an de Fächer Franséisch, Däitsch a Mathematik - ech géif nach d'Englescht ajoutéieren -, a mir sollen net higoen an erëm eng Kéier eng nei Strukturreform maachen, mä haaptsächlech och op de Contenuë schaffen, an zwar gëtt d'Stéchwuert vun de Kompetenzen amplaz vun dem kompartimentéierte Wëssen an de Vierdergrond gestallt.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Et fënnt een an deem sommairen Text vun deem Pilotprojet dann och eng nei Approche, wéi si dat nennen. D'Programmer vu Septième bis Neuvième ginn an dräi Partien opgedeelt. Zwee Drëttel vun de Programmer hunn e Volet obligatoire. Dovu gëtt et Exigences minimales, déi all d'Elèvë solle beherrschen, an een Deel, deen awer net jiddfereen um Enn vun dem Cycle beherrsche muss. Een Drëttel vun de Programmer ass au choix du titulaire.

D'Evaluatioun gëtt net méi kompartimentéiert a Wëssenssegmenter, mä et solle Kompetenzen évaluéiert ginn an de Sproochefächer Däitsch, Franséisch, Englesch an an der Mathé.

Et sollen, an dat ass eng relativ interessant Strukturreform, stabel Klasse vu Septième bis Neuvième mat därselwechter Equipe vun Enseignanten opgebaut ginn, plus enger Stonn Tutorat. An, wann ech den Text, dee wéi gesot e bësse lapidar ass, richteg verstanen hunn, soll am beschten eng intern Differenzéierung an enger Klass gemaach ginn, awer d'Gebaier si fräi d'Klassen esou ze formëiere wéi dat fir si am gënschtegsten ass.

Et kann een aus deem Text, dee wéi gesot ganz kuerz ass, e puer Feststellungen zéien. Éischtens et gëtt eng Rei vu positiven Usätz, zum Beispill d'Konzept vun de Kompetenzen, d'Ervirsträiche vun der Autonomie vun de Gebaier, an och déi fest Klasseverbänn, déi besonnesch an där Altersstuf, déi berücksichtegt ass, relativ wichteg si par rapport zu der Segmentéierung.

Da kéint ee vläicht feststellen, dass et sech ëm eng Gesamtschoul oder Tronc commun light handelt, allerdéngs ouni de Volet secondaire, also ouni de Lycée, an et muss ee sech natierlech d'Fro stellen, well mer jo eng Partie nei Lycéetechniquen hunn, wou och de Classique representéiert ass, ob een net hätt kéinten deene proposéieren, am Cycle inférieur all Filièren eranzehuelen.

D'Analys vun de Mëssstänn am Cycle inférieur ass zwar kuerz, mä si ass korrekt, e bësse lapidar an och nëmme partiell. Firwat dee Projet iwwerhaapt gemaach gëtt a wouhin e soll féieren, ass am Exposé des motifs och extrem lapidar, esou dass ee sech eigentlech weder kann dofir begeeschteren nach entgeeschtert dergéint ausschwätzen.

Wann een d'Grille horaire kuckt, da stellt ee fest dass et en Ofbau vun enger Rei vu Pflichtstonne fir eng Rei vu Fächer gëtt, haaptsächlech am humanistesche klassesche Beräich an am kreative Beräich. Et gëtt e Status quo vun der Stonnenzuel tëschent Septième an Neuvième an anere Fächer, an en Ausbau an e puer aner Fächer, haaptsächlech an de Sciences naturelles. Et stellt een och eng Auslagerung fest vu verschiddenen Themen, déi bis elo an der Klass behandelt si ginn, op sougenannt Atelieren oder Wahlpflichtfächer, géif ech dat nennen. Et gëtt och dräi Stonnen Autonomie, dat heescht déi dräi Stonnen iwwert déi d'Gebaier kënne verfüge fir aner Stonnen anzebauen.

Et ass natierlech net erstaunlech, dass vu verschiddene Säite virulent oder manner virulent Kriticken op dee Pilotprojet gereent sinn. Ech wëll just déi méi konsistent hei kuerz zitéieren. Et waren der och derbäi, déi net esou ganz seriö ze huele waren. Et ass gesot ginn, et wären net all Fächer an der Ausaarbechtung representéiert gewiescht, zum Beispill wäre Propose fir d'Geschicht vun Enseignantë vu Langues maachen ze loossen. Et gëtt och monéiert, dass eng gewësse Geheimniskrämerei gewiescht wär ronderëm dee Projet. E wär iwwert de Knéi gebrach. Et wäre keng prezis Objektiver a Modalitéiten. Et gouf och monéiert vu verschiddener gewerkschaftlecher Säit, dass et de Risiko géif beinhalten, dass nach méi Elèvë wéi bis elo den Ufuerderunge vun dem Cycle inférieur am EST net gerecht géife ginn an dann an de Préparatoire ofrutschen, wat dann erëm eng Kéier zu enger verstopptener Renaissance vun der Beruffsschoul géif féieren.

Et gëtt och monéiert, et kéint en Etiketteschwindel sinn, well all Schoul jo hir Filièrë kann organiséiere wéi se wëll, esouguer wéi se et bis dato gemaach huet, an dass herno, wéi den Helmut Kohl gesot huet, datselwecht hinten eraus géif kommen. Natierlech ass och vu verschiddenen interesséierten Enseignantsgruppe monéiert ginn, dass ee kann aus deem Projet en Ofbau vun der Allgemengbildung, Geschicht a Geographie, erausliesen, an haaptsächlech vun der Konschterzéiung, also vu kreative Fächer.

Et ass mir an där kuerzer Zäit net méiglech fir alleguer déi Facetten ze beliichten, an ech géif d'Presidentin vun der Kommissioun opfuerdere vläicht eng Sitzung vun der Kommissioun virzegesi fir de Projet, wann en elo vläicht e bësse méi geräift ass wéi an deem kuerzen Text hei, vum Ministère presentéieren ze loossen.

Ech weess net, ob ech Leit dohanne stéiere mat mengen Ausféierungen?

***(Interruptions)***

Ech wéilt een Aspekt erausgräifen, dee mir an dësem Projet besonnesch wichteg schéngt, nämlech dee vu verschiddene Leit offensichtlech erkannten Ofbau vun de kreative Fächer. An do hunn ech mech drun erënnert, dass mir als Gréng virun e puer Wochen e Séminaire hate mat Verantwortleche vun der Helene Lange Schule. Do gëtt de Cycle inférieur diamétralement opposéiert gemaach wéi bei eis. Do gëtt sech extrem konzentréiert op exemplarescht Léieren amplaz Ofhacke vum Bildungsversandkatalog, wéi mir et maachen, an et ginn extrem aktiv, kreativ an autonom Léierprozesser gefördert. De Motto war jo och: „Wer Theater spielt, ist auch gut in Mathe".

A wann een dee Programm kuckt, deen déi Schoul am Cycle inférieur mécht, dann hätte mer dat normalerweis als Firlefanz bezeechent, mä leider fir déi Leit, déi dat géife mengen, sinn aus där Praxis vun deem Cycle inférieur an där Schoul zwou Konklusiounen eraus komm. Am Alter vu 15 Joer schneiden déi Schüler aus där Schoul am beschten am PISA-Test vun Däitschland of, also besser wéi all déi, déi formal forméiert gi sinn. A wann een duerno déi nächst dräi, véier Joer, déi déi Leit mussen an der gymnasialer Oberstufe an engem normale Lycée maachen, kuckt, da si 95% vun hinne besser wéi hir Kolleegen anKolleeginnen. Dat kéint zu der Konklusioun, wann een dat elo géing verallgemengeren, féieren, datt wann een am Cycle inférieur manner formalistesch operéiert a manner déi reng kognitiv Léierprozesser installéiert, an dofir awer der Kreativitéit an den allgemengbildende Grondkompetenze méi Raum léisst, da kéint een zu engem grousse Succès net nëmmen am PISA-Test, mä och an der spéiderer Carrière, ouni datt dee „Mut zur Lücke" zu gravéierenden Defiziter oder zu deem gefäertenen Nivellement vers le bas féiert.

Elo gesäit et awer bei dësem Projet éischter esou aus, dass grad déi kreativ an allgemengbildend Inhalter géife reduzéiert ginn an op zum Deel fakultativ Atelieren ausgelagert ginn. Mir sinn zwar schonn ëmmer där Meenung gewiescht, dass ee verschidde Fächer kéint aneschters configuréieren. Ech géif mech zum Beispill net wieren, wa Geschicht a Geographie an engem Fächercluster zesumme géife geluecht ginn. Ech hunn och schonn hei plädéiert, dass een déi traditionell Separatioun vun de Sproochen an der humanistescher Traditioun kéint opléisen, andeem ee géif déi Sproochen an e méi gesellschaftleche Fachberäich integréieren.

Mir sinn och net der Meenung, dass ee Reformen net däerf maachen, well een do iergendwelleche Proffen oder Enseignantë Stonnen ewechhëlt. Dat kann et jo och net sinn.

Et ass eis awer ëmsou méi wichteg, dass am Kader vun engem Pilotprojekt Konzepter virleien, fir dass déi kreativ Erzéiung, déi jo incontestablement wichteg ass, déi de Moment eben an artisteschen an allgemengbildende Fächer ugebuede gëtt, an déi, wann déi Fächer och sech reforméieren, soll allgemengbildend an artistesch Kompetenze förderen, dass déi an engem héije Mooss vun esou engem Pilotprojet solle berücksichtegt ginn. Ech kann déi Fuerderung aus dësem Dokument net erausliesen. Ech kann och déi géigendeeleg Kompetenz net eendeiteg erausliesen, well wéi gesot dat Dokument relativ allgemeng ass. Dofir wollt ech déi Froen hei opwerfen.

Ech wëll awer nach e puer aner Froe stellen, déi een am Kontext vum Pilotprojet muss opwerfen a wou natierlech d'Zäit feelt fir se alleguerten ze berücksichtegen.

1. Wéi ginn d'Schoulen, déi mat maachen, op dee Pilotprojet preparéiert?

2. Wéi eng Weiderbildung a Formation continue ass fir déi Enseignantë virgesinn?

3. Wéi eng wëssenschaftlech Struktur begleet dee Projet iwwert déi nächst Joren?

4. A wéi engem Zäitraum ass eng Evaluatioun virgesinn a kann eng positiv Evaluatioun zu enger Generalisatioun vun deem Projet féieren?

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Garcia. Éischten Orateur ass den Här Claude Wiseler.

***Discussion générale***

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci Här President, merci Här Rapporteur, Dir Dammen an Dir Hären, et ass u sech keng einfach Heure d'actualité haut de Mëtteg, well ech a sech elo net richteg weess wat ech soll soen, well ech net am Detail dee Projet kennen. Ech hunn elo attentif nogelauschtert wat den Här Garcia gesot huet. Ech lauschteren dann herno attentif der Madame Ministesch no fir ze kucken, ob dat och datselwecht ass wéi dat wat den Här Garcia elo gesot huet.

Sécherlech hunn ech eng Rei Kontakter an der Schoul, och eng Rei Dokumenter kritt, och eng Rei Echoen iwwert d'Schoul kritt, an hunn och eng Rei Beruffszeitunge gelies, notamment vun de Syndikater, de Proffen, Associatiounen, déi eng Rei Kommentaren iwwert dee Projet pilote ginn. Mä et ass natierlech ganz schwéier sech domadder elo e richtegt Bild ze maachen. Dofir schwätzen ech och hei sous toute réserve. Wann ech Konklusioune sollt zéien, si se ganz kuerz a si sinn och effektiv sous toute réserve, datt déi Basis elo richteg ass.

Wann dat also richteg ass wat ech héieren hunn, dann ass hei proposéiert ginn e ganze Projet auszeschaffen, wou mer en zolitten Elagage vun de Programmer maachen, wou mer an deenen eenzelne Fächer minimal Kompetenzen, Sockelkompetenzen nei, frësch definéieren. Et ass evident datt dat e positive Punkt ass, e wichtege Punkt ass, an datt dat och an deene Konklusiounen, déi mer aus der PISA-Etüd gezunn hunn, gefuerdert ginn ass an deene leschte Wochen.

D'Zilsetzung geet drëm fir eng besser Orientatioun ze maachen, fir ze kucken datt déi Kanner, déi op 9ième erauskommen, d'Determinatioun vun deem wat se wëllen duerno op 10ième, 11ième maachen, och hire reelle Capacitéiten entsprécht, an datt mer déi vill Orientatiounen, déi Schwieregkeeten déi mer haten, well mer op 10ième, 11ième vill Echecë festgestallt hunn, datt een dat besser soll an de Grëff kréien.

Kloer ass d'Ausso, datt déi Sélection par échec, esou wéi mer se deelweis elo kannt hunn, net dee richtege Wee ass, an datt een do muss aner Léisunge fannen, och Modeller fannen, wéi een dee ganze System an deem Sënn ka reforméieren.

Eng Valorisation de l'effort soll och gemaach ginn. Ech fannen dat och e wesentleche Punkt. Wat vill feelt an eise Schoulen ass sécherlech d'Motivatioun, just op 30 schaffen, ass eng minimal Motivatioun, wat net deem Geescht, deem Energiegeescht, déi Valorisatioun, deen Effortgeescht, dee soll an der Schoul sinn, och genügend ervirsträichen. Dofir fannen ech dat och e richtegen, e wesentleche Punkt.

Datt den Encadrement och regelméisseg soll gemaach ginn, datt d'Informatioun vun den Elteren och regelméisseg soll gemaach ginn, fannen ech eng absolut Noutwendegkeet, an datt d'Schoul e Lieu de vie soll ginn, wou manner Enseignantë sinn, an och déiselwecht Enseignanten iwwer Jore solle bäibehale ginn, datt do Relatiounen tëschent deenen engen an deenen anere bestinn, datt mer Bezuchspersounen hunn, schéngt mer och evident ze sinn, d'selwecht wéi de Prinzip vum Régent-tuteur. Dat si sécherlech alles richteg Weeër, richteg Gedanken, extrem wichteg Gedanken, dat sinn esouguer a mengen Ae Moossnamen, déi noutwendeg sinn a jiddfer Projet pilote an déi dohier och, géing ech soen, noutwendeg sinn am allgemengen an net nëmme fir e Projet pilote, mä am allgemengen an der Schoul, am Secondaire, am Classique, am Secondaire technique.

Et stelle sech awer eng ganz Rei Froen, déi ech elo net ka beäntweren, well ech de Projet pilote net esou am Detail kennen. En Deel huet den Här Garcia och a senge Froe schonn ugeschwat. Ech stellen der och nach eng Rei.

D'Analys, wann ech dat elo richteg verstanen hunn, geet dovunner aus, datt momentan d'Schoul méi schwéier ginn ass, well mer säit enger Rei Joren eng Diversitéit vun den Origine vun de Kanner kennen, eng Diversitéit vun de Niveauë vun de Kanner hunn an de Schoulklassen, an et dofir méi schwéier ass Schoul ze halen, well déi Diversitéit eben an eise Schoule momentan duerch d'Evolutioun vu Lëtzebuerg, duerch d'Evolutioun vun eisem Land present ass. D'Äntwert dorop soll dann, wann de Projet pilote esou duerchgefouert gëtt wéi ech dat gelies hunn, sinn, datt d'Klasse vun der ADAPT, vum Technique, vun der Polyvalent, vum Théorique a vum Pratique zesumme geluecht ginn. Dat heescht, et gëtt gesot, mir hu méi Diversitéit, op der anerer Säit ginn all déi Klassen zesumme geluecht.

Dann ass meng Fro: No wat fir enger pedagogescher Method gëtt dann enger Differenziatioun, déi an deene leschte Jore méi grouss ginn ass, wann een d'Klassen zesummeleet, Rechnung gedroen, fir awer deen Unterrecht hinzekréien, dee mer brauchen, wat en differenzéierten Unterrecht ass? Et gëtt hei eng extern Differenziatioun virgesinn. Wéi soll dat goen? Fir mech ass et wesentlech, datt mer et awer fäerdeg bréngen eisen Unterrecht ze adaptéieren op déi verschidde Capacitéiten, déi déi Schüler hunn.

Wéi geet dat zesumme mat der Ausso vu méi stabile Klassen, a riskéiere mer hei net - et ass eng Fro -, déi Staark net ze fuerderen an déi manner Staark ze iwwerfuerderen?

Zweet Fro ass déi hei: De Projet pilote soll a véier Gebaier, dräi huet den Här Garcia gesot, duerchgesat ginn. Wéi vill Klasse kommen an dee Projet pilote eran, véier Lycéeën, dräi Lycéeën? Dat ass jo net eppes Klenges. Dat si jo awer trotzdeem 300, 400, 500 Schüler d'Joer. Dat heescht, wann déi dräi Joer lafen, hu mer bis zu 1.500 Schüler an engem Projet pilote, an do ass meng Fro: Hunn d'Elteren de Choix? Kënne se wielen, ob se matmaachen oder net matmaachen? Dat hei ass jo a sech, wann ech de Projet richteg verstanen hunn, e Projet, deen awer wäitgehend Ännerunge mat sech bréngt.

Dat heescht, kann ech, wann ech e Kand op 7ième hunn, als Eltere soen, ech wëll an deem Projet pilote matmaachen oder ech wëll net matmaachen? Wéi gëtt do d'Informatioun gemaach? Hunn d'Elteren de Choix, hu se net de Choix, a wann ech elo richteg verstanen hunn, ass dat och am Lycée technique agricole? Do weess ech net wéi dee Choix sech soll operéieren, oder am Aline Mayrisch, wou zum Beispill d'Kanner mat Classes sportives sinn. Wa se wëllen dohinner goen, musse se an den Aline Mayrisch goen. Wéi geet dat da mam Choix vun deene Kanner, déi am Aline Mayrisch op esou Klasse sinn? A gëtt a sech d'Orientatioun am 6. Schouljoer, déi elo jo amgaangen ass gemaach ze ginn, dan och esou gemaach, datt d'Elteren informéiert ginn iwwert deen neie Projet, an datt se wësse wat geschitt, wat elo am September op se zoukënnt?

Drëtt Fro, et ass wéi gesot e Projet pilote vun enger gréisserer Envergure. Deen huet wéi all Projet pilote keng Base légale, well e kee Vote an der Chamber kritt, jo éiren 2003 ufänkt, a well en Autonomie och a ville Punkten an de Gebaier virschreift. Meng Fro ass also: Wat geschitt an dësem Kader wann Décisioune kommen, déi kontestéiert ginn an de Schoulen? Dat ass jo net rar an der Lescht, dat ass ëmmer méi heefeg. Wéi gëtt dat da

gehandhaabt, well mer et hei jo net nëmme mat engem klenge Projet mat enger Klass ze dinn hunn, mä awer mat engem gréisseren Projet pilote, deen eng gréisser Envergure huet?

Déi véiert Fro ass déi vum neien Evaluatiounssystem. Ech weess elo net wéi dat ausgesäit, well dat wat ech do gelies hunn eng ganz sommaire Descriptioun ass. Gëtt dat preziséiert? Gëtt dat definéiert? Zielt dat am ganze Projet pilote d'selwecht? Et ass jo kloer, datt wann d'Schüler dohinner ginn, wann d'Elteren hir Kanner dohinner schécken, datt et dann noutwendeg ass, datt awer eng absolut Transparenz an der Evaluatioun do ass, an datt ee weess, wéi a wouhinner et geet an no wat jugéiert gëtt an der Evaluatioun.

Déi fënneft Fro ass déi, datt dee Projet jo wesentlech Ännerungen am Kader vun der Evaluatioun vun der Autonomie vun de Programmer, vun de pedagogesche Methode bëinhalt. Dat geet sécherlech net einfach esou. Mir wësse wéi schwéierfälleg d'Schoul ass fir gréisser Projeten ëmzesetzen, an dat ass säit ëmmer nach esou gewiescht, an et muss een ëmmer vill Energie erapompelen, wann ee gär Ännerungen hätt. Dofir d'Fro, mä ech mengen den Här Garcia huet d'Fro scho gestallt: Wéi ass et mat der Formation continue fir all déi Enseignanten? Et wär jo gutt wa se eng Formatioun hätten, éier se elo am September 2003 an dee Projet eraginn, well et ass jo och noutwendeg, datt déi Enseignanten, déi an esou e Projet starten, eng Rei Virbereedungsaarbechte fir jiddfer Eenzelne selwer maachen, op där enger Säit, an dann och evidenterweis an der Concertatioun, well eng Schoul vu muer muss jo eng Schoul vun der Concertatioun sinn, wou déi eenzel Enseignanten zesummen am Grupp schaffen, an haaptsächlech bei esou engem Projet pilote schéngt dat mer noutwendeg ze sinn.

Sechst Fro, an dat ass e wesentleche Punkt, et ass dee vun de modifizéierte Programmer. Wa mer hei dräi Klassentypen, déi haut separat sinn, zesumme setzen, dann ass et jo kloer, datt mer éischtens eng aner Grille horaire hunn, mä doriwwer wëll ech net schwätzen, well ech weess wat fir e Misär dat mat deene Grilles horaires ëmmer ass, wann een och nëmmen e wéineg dorunner ännere geet. Dofir mengen ech net, datt mer déi Diskussioun sollen hei féieren. Mä nach ass et esou, datt wa mer hei dräi Typeklassen zesumme setzen, datt een noutwendegerweis jo awer aner Programmer muss hunn, oder zumindest sech fir een Typ vu Programmer décidéiere muss.

D'Fro ass also, d'Programmer si jo amgaange gemaach ze ginn: Wien huet Programmer gemaach? Sinn d'Commissions nationales consultéiert ginn? Hu se en Avis ofginn, a wéi waren déi Avisen?

An déi siwent Fro, wat och eng wichteg ass, dat ass, wann ech elo richteg verstanen hunn, dass de Préparatoire jo net an esou e Projet pilote mat integréiert ass. Dee funktionéiert grad esou wéi de Classique ëmmer separat. Wéi huet et sech mat dem Préparatoire? Wéi agencéiert e sech an deen dote Projet eran?

Well ech also dee Projet net genau kennen, hoffen ech datt déi Froen, déi ech elo gestallt hunn, pertinent waren. Ech si gespaant op d'Äntwerten, well e Projet, dee soll am September 2003 ugoen, do ass et natierlech kloer datt eng Rei vun deene wichtege Punkte solle geklärt ginn, an et ass eréischt wann ech genau weess wouhin et geet, wann ech déi Äntwerten elo vun der Madame Minister héieren hunn, wou ech mer erlaben eng definitiv Meenung oder en definitiivt Urteel iwwert dee Projet hei ze maachen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Wiseler. Et ass elo um Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, et ass eng interessant Fro, déi den Här Garcia hei opgeworf huet. Mir diskutéieren haut an enger Plenarsitzung iwwer e Projet pilote, iwwert dee mer net allze vill wëssen ausser effektiv en Text, dee gebraucht ginn ass fir dee Projet pilote dem Collège des Directeurs vum EST ze presentéieren. Et ass also en internt Dokument, wat den Här Garcia hei virbruecht huet an opgrond vun deem mer hei diskutéieren.

Ech wëll virausschécken, e Projet pilote an der Schoul ass ëmmer eppes extrem Delikates, besonnesch wann et een ass deen, wéi deen hei, eigentlech keng Base légale huet, wéi reforméiert soll ginn. Ech erënneren drun, datt jo och e Projet de loi virläit iwwert d'Lycéeën an d'Lycées techniques, an et ass eng Fro déi mer komm ass, wéi ech dat gelies hunn, wéi wäit datt dee Projet pilote hei préfiguréiert wat an deem Projet de loi iwwert de Lycée technique kënnt, well ee jo awer sech ka virstellen, datt an engem Projet de loi iwwert de Lycée technique och eng Partie Neierungen dra sinn. Richteg ass et och, datt et interessant ass ze wësse wat de rechtleche Statut vun deem Projet pilote ass, wann zum Beispill Contestatioune kommen, an an engem Projet pilote däerf ee sech jo net ieren, well et geet ëm Kanner, et geet ëm de Kanner hir Schoulcarrière. Do kann also keen Iertum virkommen.

Ech wollt no all deene wichtege Saachen, déi hei gefrot a gesot gi sinn, just zwee, dräi Punkten ervirsträichen. Et gëtt constatéiert, datt dee massive schoulesche Mësserfolleg an dem EST, mä och schonn an anere Schoulen, op d'Sproochen zréckzeféieren ass, an et gëtt da probéiert fir gewësse minimal Kompetenzen ze beschreiwen. Esou wéi ech dat hei gelies hunn, fannen ech dat relativ dürfteg wéi dat beschriwwe gëtt, déi sougenannte minimal Kompetenzen.

Ech sinn d'accord domat, datt héchstwahrscheinlech e groussen Deel vun den Echecen duerch d'Sprooche kommen, duerch d'Kollisioun vun de Sproochen an der sozio-kultureller Situatioun vun de Kanner. Datt d'Mathematik derbäi ass, wonnert mech och net, well vill vun der Mathematik vu Sproochen ofhänkt a vill Kanner vläicht net esou séier an de mathematesche Raisonnementer Problemer hunn, mä an dem Verständnis vun de Problemer.

Ech wëll och nach dobäi soen, dass ech d'Lëtzebuergesch dobäi zielen. Ech menge schonn, dass och den Enseignement vum Lëtzebuergeschen ee Problem ass. Mir haten déi leschte Kéier hei vun der Commission spéciale Immigration en Hearing mat jonke Schüler och aus dem EST an aus dem Centre vum Lampertsbierg an aus dem Lycée Michel Lucius, wou mer och iwwert den Enseignement vum Lëtzebuergesche geschwat hunn, an ech sinn iwwerzeegt dass een d'Lëtzebuergesch net an der Schoul an zwou Stonne léiere kann, mä dass een dat och muss op eng aner Manéier iwwer kulturell Aktivitéiten, iwwer kommunikativ Aktivitéite maachen an der Schoul oder um Bord vun der Schoul.

Wann d'Sproochen déi éischt Ursaach vun den Echecë vun de Kanner sinn, da muss ee menger Ansicht no onse Sproochesystem hannerfroen. Ech mengen net, dass mer derlaanscht komme fir déi dräi Sproochen, Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch weider ze enseignéieren. Dat brauche mer als Moyens de communication zu Lëtzebuerg. Et geet net duer mam Lëtzebuergeschen, et geet net duer mam Franséischen an et geet och net duer mam Däitschen. Mir brauchen ee System vu Sproochen zu Lëtzebuerg.

Mä da muss ee sech besonnesch Froe stellen iwwert d'Method, wéi mer déi Sproochen enseignéieren, an do gëtt et - mech wonnert et, dass mer net méi dorobber zréck gräifen - de Conseil de l'Europe, deen huet eng ganz gutt Aarbecht gemaach iwwert de Portfolio des langues, wou en déi Sproochen, besonnesch Franséisch an Däitsch, natierlech och anerer, als Friemsproochen ukuckt. Mir kucke jo haut nach ëmmer besonnesch Däitsch als eng Aart Mammesprooch, well mer liesen a schreiwen am éischte Schouljoer op Däitsch, wéi wann dat ons Mammesprooch wär, wat et jo net ass, a wat et ëmmer manner ass fir eng Partie Kanner.

Ech mengen also, dass mer fir d'éischt mol déi Iddi vun dem Friemsproochenunterrecht musse mat eran huelen. Dass mer och an onser Démarche vun deem Sproochenunterrecht héieren, liesen, schwätzen, communiquéieren, schreiwen. A beim Schreiwe gëtt et och vill Varianten, do gëtt et ofschreiwen, mä et gëtt och selbstänneg rédigéieren. Et gëtt also eng Multitude vun Etappen doranner, déi mer menger Ansicht no missten an onse Programmer méi genee beschreiwen an d'Exigencen a Funktioun vun där individualiséierter Beschreiwung festleeën.

Här President, dat, wat ech der Madame Minister hei wollt soen, ass dass dat, wat ech hei an der Presentatioun fannen iwwert de Sproochenunterrecht an iwwert den Ënnerscheed, deen hei just an de Sprooche gemaach gëtt - Compréhensioun, also Ecoute à lecture, Expression orale, Expression écrite -, mer e bëssen dürfteg schéngt ze sinn, fir wierklech kënnen op déi Schwieregkeeten anzegoen, an ech hoffen dass mer iwwert de SCRIPT oder iwwer aner Spezialisten, wann dee Projet do uleeft am September 2003, méi eng prezis Grille hunn, fir de Sproochenunterrecht ze beschreiwen.

Wat ech gutt fannen un dësem Projet, sou wéi ech en hei gelies hunn, dat ass alles dat wat den Encadrement ugeet. Dat heescht déi méi stabel Klassen, wéi zum Beispill och den Tutorat, Equipë vun Enseignanten déi zesumme bleiwen an d'Kanner iwwert déi dräi Joer suivéieren an och natierlech déi pedagogesch Autonomie. Allerdéngs muss ech do froen: Wat heescht pedagogesch Autonomie?

Ech ka mer och virstellen, dass een an der pedagogescher Autonomie probéiert op méi al Methoden zréck ze kommen. Dat heescht, nach méi streng Feeler jugéieren an nach méi Echecen doduerch provozéieren. An ech hoffe jo, dass mer, wa mer déi pedagogesch Autonomie ginn, och doniewent eng pedagogesch Reflexioun mat den Enseignantë maachen, eventuell an enger Formation continue oder an enger Evaluatioun déi niewent dem Projet leeft.

Wat d'Programmer ugeet, muss ech soen, war ech och erstaunt, einfach déi Feststellung ze liesen, dass et elo dräi Partië géife ginn déi do gesi ginn. Engersäits minimal Exigenzen, anerersäits obligatoresch Contenuen an da schlussendlech Aktivitéiten, wou ee sech ka Saachen eraus huelen. Och dat schéngt mer nach relativ formal ze sinn, relativ schwiereg ze beschreiwe wann ee mol an Inhalter geet, wann ee wierklech elo mol an engem Fach oder an, wéi soll ech soen, méi enger horizontaler Approche déi Saache kuckt, ass dat extrem schwiereg dat ze beschreiwen, an och do muss ech soen, wann ech dat liesen, gesinn ech net wéi dat prezis ka virugoen.

Et ass jo gesot ginn - den Här Garcia huet et gesot -, et géif sech hei ëm eng Aart Tronc commun Leit handelen. Ech fannen dat eng flott Beschreiwung, well jo awer effektiv Kanner éliminéiert ginn. Dat heescht et gëtt eng Partie Kanner, déi wierklech net mat an de Préparatoire virukommen, ech wëll net soen ofgestouss, mä eraus sélectionnéiert. An ech mengen, dass mer déi Eliminatioun oder déi Sélectioun, déi do maachen, net kënne maachen, wa mer net zugläich och ons iwwerleeën, wéi et mat der Orientatioun am 6. Schouljoer ass. Ech menge schonn, dass dee Projet hei mat der Sélectioun, mat der Orientatioun am 6. Schouljoer zesummenhänkt an dass een dat zesumme muss kucken.

Dat waren, Här President, déi puer Remarken, déi ech wollt zu deem Projet maachen. Nach eng Kéier, ech fannen et e bëssen extra, dass mer hei an der Plénière vun der Chamber iwwer esou méi technesch Problemer schwätzen. Et wier vläicht besser gewiescht, mir hätten dat an der Commission de l'Education nationale gemaach an dann och am Fro an Äntwert Spill mat der Madame Minister déi Froe gestallt. Mä well dat nun emol eben op dem Ordre du jour vun der Chamber war mengen ech schuet et net, fir och mol dem Public dobaussen ze weisen, wéi komplizéiert déi Saache sinn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer just eng kleng Remarque zum Agang. Mir haten zwar elo weider keng Dokumenter gehat, déi mer an der Kommissioun analyséiert hunn, wat wouer ass. Ech stellen awer fest, datt meng Virriedner hiren Temps de parole iwwerschratt hunn. Dir erlaabt also, dass ech vläicht och kuerz driwwer wäert goen.

***(Interruption)***

Op alle Fall war et mäi Bedierfnis, wéi den Débat hei gefrot ginn ass, dass och ech mech e bësse méi am Detail ëmgehéiert hunn, wéi dee Projet soll ausgesinn. Mä vu dass et e Pilotprojet ass, ass et natierlech esou, dass och eng Partie vun den Evolutioune sech wäert an dem Pilotage vun deem Projet hei erausschielen.

Da kann ech nëmme folgend Konklusioune well am viraus schléissen, well dat, wat ech un Donnéeën hunn, fannen ech, entsprécht nämlech deem, dass de Pilotprojet, deen elo lancéiert gëtt vum MEN, de Cycle inférieur am EST relativ déifgräifend reforméiert an dass et menger Meenung no e Projet ass, deen de Motiounen an den Demanden, déi mir hei als Chamber un d'Regierung geriicht hunn, Rechnung droen, well genau déi Demanden am Débat iwwert d'Integratioun an dem Débat no PISA a konkreter Aart a Weis ëmgesat ginn.

Ech wollt dat ganz kuerz am Telegrammverfahren analyséieren.

1. Et ass elo esou, dass et am EST eng 7ième st an eng 7ième adapte gëtt, et gëtt eng 8ième théorique an eng polyvalente, et gëtt eng 9ième théorique, polyvalente a pratique. Am neie System gëtt et dann nach eng 7ième, eng 8ième an eng 9ième. Ech mengen dat dréit zur Transparenz vun dem Schoulsystem bäi an ech mengen dat ass zum groussen Avantage fir all Schoulpartner an et kann ee menger Meenung no och net vun Tronc commun schwätzen, well et gëtt jo nach ëmmer eng 7ième préparatoire an et gëtt jo nach ëmmer eng 7ième classique; dat hei betrëfft just eng Reform vum EST, also vum Enseignement technique.

2. Dëse Projet wäert mat sech bréngen, datt manner Enseignanten an d'Klasse kommen, an dat bréngt och mat sech, datt si an der Equipe d'Schüler wäerte betreien a vill besser d'Stäerkten an d'Schwächte vun de Schüler kënnen erkennen an drop agoen. Et wäert elo am Conseil de classe sinn, wou dann d'Proffen d'Schüler évaluéieren, sou gutt mat Nouten, huelen ech un, wéi mat perséinleche Remarken.

Ech mengen dat sinn alles Initiativen déi ergraff ginn an déi absolut den Exigenze vun engem Débat d'intégration an der PISA-Debatt entspriechen. Éischtens d'Iddi vun den Equipen, Enseignanten déi op d'Kanner aginn. Eng Différenciatioun vun de Kanner, wat eng vun den Haaptexigenzen am Débat d'intégration war. Eng Evaluatioun no Punkten an no anere Kritäre war dat, wat mir an der Motioun iwwert den Débat d'intégration zréckbehalen hunn; dat gëtt momentan well am Primaire ëmgesat. Ech sinn also frou festzestellen, dass dat elo am Post-primaire ausgebaut gëtt. An dann herno eben déi Concertatioun tëschent Elteren an Enseignanten, déi well ugeschwat ginn ass, déi menger Meenung no jo also den Dialog tëschent de Schoulpartner, dee mer all wënschen an dee mer am Débat d'intégration gefuerdert hunn, och wäert mat sech bréngen.

3. Un de Programmer ass geschafft ginn an elo geet et dann heibanne lass. Natierlech gëtt gesot, dëst ass net gutt, dat ass hei ze vill eraus geholl ginn. Ech mengen eent ass kloer, eng Konklusioun aus dem Débat d'intégration an och no der PISA-Debatt war fir ze soen, an eise Programmer muss geschafft ginn, et muss reforméiert ginn. An et ass heibanne gesot ginn - an och ech perséinlech hunn dauernd gesot -, d'Programm-Kommissioune musse sech aktiv bewegen, fir e Mouvement an déi Problematik ze kréien. An ech mengen hei gesi mer, dass deem Folleg gedroen ass. Dass een do natierlech net all Mënsch ka Rechnung droen, sinn ech mer bewosst.

Mä ech muss Iech awer soen, perséinlech sinn ech der Meenung, et ass besser wann en Handwierker weess wat 90 Grad sinn a wat e rechte Wénkel ass, wéi dass hie vläicht herno ka sengem Client den 30-jährege Krich erklären, wou kënnt deen hier, wéi ass deen entstanen, wat sinn d'Auswierkungen a wéi laang hunn d'Friddensverhandlunge gedauert.

4. Et sinn 30 Schoulstonnen, déi virgesi sinn, dobäi sinn dräi Stonne Fräiraum virgesi pro Schoulgebai, an et ass ewell ugeklongen, dat hat ech, muss ech soen, net esou gelies gehat, datt all Enseignant a senger Klass eng bestëmmte Stonnenzuel bleift, wou e ka mat senge Kanner fräi schaffen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

An der PISA-Etüd hat sech erausgeschielt, datt eis Kanner och nach vläicht d'Wëssen hunn, mä net amstand sinn hiert Wëssen ze applizéieren. Deem Manktum kënnt dëse Pilotprojet op alle Fall no, an ech mengen, dat heiten ass elo well eng interessant Ausriichtung, wann een dorunner denkt datt mer vu Schoulautonomie schwätzen an datt jo anscheinend jiddereen heibannen, oder relativ jiddereen heibannen, d'accord ass, datt mer an deem Beräich mussen a solle schaffen.

5. Déi gréisste Charge an deem Pilotprojet, a wann ech Pilotprojet schwätzen, da mengen ech dat och esou, déi kënnt op déi Proffen duer, déi sech engagéiert hu fir dëse Pilotprojet ab September 2003 un d'Rullen ze kréien. Sécher, e Pilotprojet ass ëmmer eppes Delikates, wéi dat och vu menge Virriedner gesot ginn ass, well et sinn ëmmer d'Kanner ëm déi et geet, mä dat wat mir als Ausso, esou gutt am Débat d'intégration wéi am Débat iwwer PISA haten, war, datt mer gutt Léierpersonal brauchen, engagéiert Personal, Personal dat op d'Kanner ageet.

Dat sinn alles Kritären, wou a priori dëse Pilotprojet wäert de Maximum

vun den Enseignanten erwaarden. Engersäits elo beim Ausschaffe vun deem Pilotprojet an herno bei der kontinuéierlecher Ëmsetzung, esou datt ech vun hei aus nëmme ka soen, och do kënnt dëse Pilotprojet dem Wonsch vun dëser Chamber no. Ech wëll am Viraus all deene Proffen an all deene Schoulgebaier merci soen, déi sech engagéiere fir dëse Projet ëmzesetzen. Ech kann hinnen nëmme bonne chance bei där Ëmsetzung wënschen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jean Colombera.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng Tatsaach, dass all drëtte Schüler hei zu Lëtzebuerg déi siwent Klass vum technesche Sekundarunterrecht net packt. An der aachter an néngter Klass läit d'Quot bei 20%. An der zéngter Klass bei 30%. Dëse Phenomeen ass scho laang bekannt an dofir ass et ëmsou erfreelecher, wann een Alternativen ugebuede kritt.

Bei dësem Projet hu mer als ADR, sous réserve vun deem wat d'Madame Minister eis elo soe wäert, e schlecht Gefill. Esou ginn an dësem Pilotprojet künfteg zwee Drëttel vun der Unterrichtszäit der Vermëttelung vun engem minimale Wëssen an engem obligatoreschen Inhalt zur Verfügung gestallt. Een Drëttel steet deene verschiddene Schoule fräi, fir de Programm esou ze gestalten, wéi si et wëllen.

Vu ville Säite gëtt en Nivellement vers le bas prophezeit. Dëser Meenung si mir als ADR och. Wann een déi virprogramméiert dräi Filièren ofschaaft, da komme Kanner zesummen, déi verschidden Intelligenzcapacitéiten hunn. Déi besser Schüler musse sech deene schlechte Schüler upassen a ginn net méi gefuerdert. Domat wäerte vill Elteren awer Problemer hunn an dëse Projet net akzeptéieren.

Déi Fro, déi ee sech da rechterweis stellt: Wat geschitt, wann d'Elteren net wëllen dass hir Kanner dëse Pilotprojet matmaache sollen?

Mir däerfen net de Wee aschloen, dass mer eis Problemer op deem Wee léisen, dass mer ëmmer manner Lehrstoff ubidden. Mir hunn den Opnahmexamen ofgeschaaft. Fir de Moment ginn d'Schüler no zweifelhafte Kritären entweder an de Classique oder an den Technique orientéiert. Wa mer elo higinn a mir schafen d'Filièren of, da riskéiere mer, dass mer intelligent Schüler, déi d'Chance net hate fir an de Classique ze kommen, Stéchwuert Numerus clausus, démotivéieren, an dat musse mer verhënneren.

Méi interessant wär et zum Beispill, fir verschidden Zyklen anzeféieren. Déi staark Schüler géifen déi dräi Joer an zwee Joer maachen an déi schwaach Schüler géifen déi dräi Joer an dräi oder véier Joer absolvéieren.

Generell muss ee sech d'Fro awer stellen, wéi wär et, wann een déi noutwenneg Schoulreform géif vun ënnen ufänken, an der Primärschoul, well hei gëtt et Kanner mat Schwieregkeeten, mat Dyslexie, mat Dyscalculie an Integratiounsschwieregkeeten. Hei stelle sech d'Weiche fir d'Zukunft an net an der Mëtt vun der Scolaritéit, wou am Prinzip d'Orientatioun scho gestallt ass. Mir sinn d'accord, dass ee muss agräifen, mä firwat grad an der Mëtt?

Wa mir mat enger gewëssener Schoulautonomie averstane kënne sinn, esou musse mer awer bemängelen, dass dëse Projet vläicht net gutt duerchgeschafft ginn ass an dass déi verschidden Haaptacteuren um Terrain net mat dësem Projet befaasst goufen.

Mir sinn eis alleguerten eens, mir wëlle gär den Echec an der Schoul verhënneren. Eis Impressioun ass awer, dass mer hei um falsche Wee sinn an eise Bildungssystem net besser wäert ginn, well de Gruef tëschent dem Classique an dem Technique wäert mat dësem Projet méi grouss ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, wéi Verschiddener vu menge Virriedner hunn ech och de Projet net als solche gelies. Ech hu virun allem Reaktiounen zu dem Projet gelies, an ech kann an deenen zwou Minutten, déi ech hei hunn, nëmmen op e puer allgemeng Saachen agoen a verweisen op meng Stellungnahm, déi ech ginn hu bei der PISA-Debatt, wou ech eng Motioun agereecht hunn, an där ech eng integréiert Gesamtschoul fuerderen, eng Motioun déi awer just vun der grénger Fraktioun ënnerstëtzt ginn ass.

Ech mengen, déi Beispiller, déi den Här Garcia virdru genannt huet, och dat Beispill aus Däitschland, hunn ënnerstrach, dass een net soll op sozial Selektioun an op homogen Klasse setzen, mä dass grad an deenen ënneschte Klasse vum Secondaire ee soll déi schwaach Schüler ënnerstëtze fir de Leeschtungsniveau vun der ganzer Klass ze hiewen.

Dat setzt eng humanistesch Bildungsapproche viraus, déi, menger Meenung no, nëmme ka polyvalent sinn. Op där enger Säit setzt et en héijen Niveau vun Allgemengbildung viraus. Zur Allgemengbildung gehéieren och esou Fächer ewéi Geschicht, Philosophie, Literatur, Konschterzéiung, an zwar fir all d'Kanner, och déi Kanner déi de Moment an den Technique ginn. Op där anerer Säit setzt et eng gewësse Polyvalenz an der Beruffsauswahl viraus. Dozou gehéiere Stagen an der Beruffswelt fir all d'Schüler, och Schüler vum Classique.

Ech menge wierklech, dass esou e Bildungsmodell mat esou Ziler noutwenneg wier, fir d'Schüler zu ganze Mënschen auszebilde mat wäitgefächerte Kompetenzen. Dee Message geet kloer aus der PISA-Studie ervir.

Ech mengen awer, dass d'Regierung esou e Wee net wëllt verfollegen, wéi een och aus deene Reaktioune kann erausliesen, déi zu dësem Projet komm sinn. Éischtens mécht se zwar e Schrëtt a Richtung vun engem beschränkten Tronc commun am ënneschten Zyklus vum Enseignement secondaire technique, mä si begleet dee Schrëtt awer mat enger katastrophaler, esou liesen ech dat an de Commentairen, Aushielegung grad vun deenen allgemeng bildende Programmer an zerstéiert domadder eigentlech den Inhalt vun all seriösem Tronc-commun-Usaz. Wéinstens ass dat déi Konklusioun, déi ee kann aus deem Ganzen zéien, wann een d'Press liest a wann een d'Commentairë vun deene betraffene beruffleche Kreeser kuckt.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Erzéiungsminister, d'Madame Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech stelle mat Satisfactioun fest, dass eng ganz Partie Punkte vun deem Projet, deen elo presentéiert ginn ass, bei de Fachleit an och hei op positiv Echoe stéisst, selbstverständlech mat Nuancen. Et ass och normal, dass hei Nuancë kommen, well wann een eng Léisung fir den Enseignement hätt, da wier et einfach. Wéi diametral opposéiert déi Tendenze kënne sinn, gesäit ee bei deenen zwou leschte Stellungnahmen, där vum Här Colombera, dee fäert et kéim zu engem Nivellement vers le bas, an déi vum Här Urbany, dee plädéiert fir en integréierten Tronc commun.

Ech wëll Iech soen, dass dëse Projet ausgeschafft ginn ass opgrond vu Constaten, déi mer am Ministère gemaach hunn, mä och hei an der Chamber, nämlech dass mer enorm Echecen am Secondaire technique hunn, zemools no der Dixième.

Et ass wouer, dass dat net am Detail an deem Pabeier steet, wat och net de But vun deem Pabeier wor, mä dat ass e Constat, well d'Schüler ganz oft falsch orientéiert sinn a well mer ganz oft eng Approche hunn, wou mer bis elo d'Punkten als eenzege Kritär, mat der Note-profil zwar derbäi, geholl hunn, an da Schüler an eng Direktioun bal gedriwwen hunn, wou den Echec virprogramméiert wor.

Ech wor dëser Deeg an enger Réunioun, wou e jonke Mënsch opgestanen ass, deen no der Neuvième, well en déi néideg Moyenne hat, an eng Techniciensformatioun gaangen ass vun Informatiker. En ass duerchgefall. Do huet en d'Joer nach eng Kéier widderholl an do ass en nach eng Kéier duerchgefall. Dunn ass en op déi nei Formatioun vun CATP gaange fir Informatiker ze ginn. Och dat huet en net gepackt an elo gëtt de Jong finalement Mécanicien an en ass frou doriwwer.

Da soen ech mer, firwat deen Détour? Mä en huet dee gemaach, well e genuch Punkten hat fir an déi Formatioun vum Technicien ze kommen. Mä wann ee méi genee analyséiert hätt wou seng Stäerkten a seng Schwächte woren, hätt een direkt kënne soen, e soll net an déi Formatioun vun dem Informatiker goen, well em do déi néideg Kompetenze gefeelt hunn. Fir dat awer kënnen ze maachen, fir e Schüler richteg anzeschätzen, muss een e kennen. An dofir mussen d'Schüler begleet gi vu Septième, Huitième an Neuvième. An dohier d'Iddi Gruppen ze maachen, déi stabel sinn, wou manner Enseignanten intervenéieren a wou déi de Schüler kënnen a senger Scolaritéit begleeden, dass se net nëmme seng schoulesch Leeschtunge kënne kucken, dat ass eng Saach, mä och all déi aner Facetten, fir en da besser kënnen ze orientéieren. Dat sinn iwwregens d'Projeten, déi et och schonn an anere Schoule gëtt, wéi zum Beispill am Lycée Technique vun Esch mat dem Projet Avanti, déi d'Kanner an engem Tutorat begleeden, wou och beispillsweis eng Stonn manner Franséisch gemaach gëtt, an dat am Konsens mat allen Enseignanten.

Zu Ettelbréck hu se probéiert d'Klasse stabel ze halen a se ze begleeden. Bei der expérience pilote ass probéiert ginn, déi Leit aus deene Programmkommissiounen ze huelen, wou déi gréisste Schwieregkeete bei de Schüler festzestelle waren. Dat war d'Franséischt, dat war d'Däitscht an dat war d'Mathematik. An dat si Fachleit an déi hu geschafft, well et gëtt ëmmer gesot, dee geheime Grupp. Dat war an de Programmkommissioune gewosst, dass een do kënnt eng Hand mat upaken, an do sinn eng Partie Leit, déi hu mat ugepaakt. Et ass dann nach gesot ginn, jo wie war dann nach an deene Gruppen dobäi. Et ware Vertrieder vum Collège des Directeurs dobäi. Et waren Enseignanten aus dem Ministère, déi vum Ministère choiséiert gi sinn, an et war zum Beispill eng Vertriederin dobäi, déi genee de Portfolio vum Conseil de l'Europe iwwert d'Sproochen, den Här Fayot huet dovunner geschwat, suivéiert, fir och déi Notioun mat eran ze bréngen, a fir de wëssenschaftlechen Aspekt ass e Professor vun der Universitéit vun Namur, dee Spezialist ass an der Definitioun vun de Socles de compétences.

Well wat geschitt bis elo? D'Schüler kommen op eng Septième. Si sëtzen do zesummen an da gëtt duerno getrennt. Si hu Proffe während enger Stonn, zwou Stonnen. Si kommen erëm an aner Klassen. Et ass net esou wéi een d'Kanner soll begleeden, a wann et ons eescht ass, all déi Débaten déi mer hei haten, an d'Madame Durdu huet deen iwwert d'Integratioun och nach ervirgestrach, da musse mer do den Hiewel usetzen. Wéi dat am Detail awer ausgesäit, dat wollte mer ebe just mat deenen, déi et um Terrain ëmsetzen, diskutéieren an dofir ass dee Pabeier net méi prezis, well et soll een dat net laanscht d'Leit vun der Praxis maachen, mä et soll een et mat de Leit maachen, an et sinn effektiv véier Lycéeën déi sech gemellt hu fir do matzemaachen. Wéi hunn déi Lycéeën décidéiert fir matzemaachen? Dat ass och ënnerschiddlech.

Mir kënnen engem Lycée jo net soe wéi e säi Choix soll treffen. Bei där enger ass d'Plénière gefrot ginn. Do hu sech 85% vun den Enseignanten dofir ausgeschwat. Bei aneren ass et eng Delegatioun vun Enseignanten, déi sech dofir ausgeschwat huet. Dat ass ënnerschiddlech.

Et sinn och Schoulen, déi mat enger ganzer Partie Punkten heivun averstane sinn, déi awer gär méi Prezisioune gehat hätte fir weider ze fueren. An dann natierlech ass déi Approche wou gesot gëtt, et muss wierklech dat eent oder dat anert Fach verschwannen. Mir mussen einfach vun deem renge Fachdenken ewechkommen, a vum Schüler ausgoen an ze soen, wat brauch deen a wat muss en erreechen. A wa mer wëllen dass sech méi ëm d'Schüler gekëmmert gëtt, dass den Enseignant d'Schüler besser kennt, jo da muss e méi Stonne pro Woch enseignéieren, an da muss een eng Fächerkombinatioun, wéi zum Beispill Geschicht mat Geographie, kënne virgesinn, oder firwat net de Sproochenunterricht och benotze fir Eveil à la culture.

De Projet ass, contrairement zu deem wat dobausse gesot gëtt, net eng Reform. Et ass e Projet pilote wou d'Schoulen op fräiwëlleger Basis kënne matmaachen. Et ass also e Projet, deen och net vum Ministère imposéiert gëtt. Et ass weider e Projet, deen net en Tronc commun mécht, an als Regierung si mer ganz kloer net fir den Tronc commun. Et ass also och kee Virleefer vum Tronc commun.

De Projet ass och net en Nivellement vers le bas, an et ass och net richteg ze soen, an där Schoul géing et dann no ënne goen, well et kënnt een net duerchfalen. D'Evaluatiounskritäre bleiwe bestoen, mä et gëtt méi gefächert, évaluéiert, dat heescht dass net nëmmen an engem Fach eng Note erauskënnt, mä dass dat opgegliddert gëtt. Beispillsweis an der Mathematik kann et ganz gutt sinn, dass d'Kanner gutt am Rechne sinn, awer Schwieregkeeten am méi abstrakten, an der Algèbre hunn, da soll een dat och certifiéiere wat se kënnen an d'Orientatioun dorop maachen.

Et sinn, Här President, eng ganz Partie vu Froen hei gestallt gi vun den Deputéierten, wéi déi iwwert d'Formatioun. Selbstverständlech kréien déi Leit, déi sech an deem Projet engagéieren, eng Formatioun, a si kréien eng Formation continue. Dee Projet gëtt och wëssenschaftlech begleet, eng Kéier intern fir déi Leit, déi sech dauernd concertéieren, an da gëtt en awer och extern begleet, an et kënnt zu enger Evaluatioun déi konstant ass, well, an do ginn ech dem Här Fayot Recht, et däerf ee sech net ieren. A wann ee mierkt, dass Saachen an der Praxis net esou klappen, muss ee Souplesse genuch hunn dat ze adaptéieren, an net waarde bis et zu engem Echec kënnt. D'Evaluatioun gëtt also gemaach. D'Methode wéi differenzéiert gëtt musse selbstverständlech ausgeschafft ginn, an do gëtt et och net eng Method, déi een engem Enseignant ka proposéieren. Dat hänkt vun der Persönnalitéit vum Enseignant of, et hänkt vu sengem Fach of, mä et hänkt natierlech och vun der Klass of.

Eng Fro, déi gestallt ginn ass: Wéi ass et mam Choix vun den Elteren? D'Eltere ginn elo, wa se hir Kanner an d'Schoulen aschreiwen, informéiert iwwert dat wat se erwaart, a wa se mengen, dat wier net de richtege Choix, da kënne se selbstverständlech hir Kanner och an eng aner Schoul aschreiwen. Mä ech géing jidderengem recommandéieren, wann een esou eng Schoul gewielt huet, dat positiv ze gesinn.

Den Här Garcia huet geschwat vun der Lange-Schule an Däitschland, mä zum Beispill ass dat eng Partnerschoul vum Lycée Aline Mayrisch. Déi schaffe schonn elo mateneen, an de Lycée Aline Mayrisch ass och eng vun deene Schoulen, déi am Secondaire technique deen hei Projet wëllt matmaachen.

Wéi et mat der Base légale ass, do muss ee soen, dass d'Texter ons d'Méiglechkeet ginn dat do ze maachen, well et ka jo net sinn, dass all Kéiers de Législateur misst beméit ginn, wann eng Ännerung un engem Programm ass.

D'Schoul ass schwéierfälleg fir Ännerungen. Dat ass hei vu méi wéi engem Riedner gesot ginn. Dat ass richteg, mä dofir wëlle mer et zesumme mat deenen, déi wëllen dat do maachen, ugoen. Ech verheemlechen awer hei net, dass 900 Ënnerschréfte vun Enseignantë géint dëse Projet koumen, well verschidde Leit mengen, si missten hir Spezialitéit exklusiv ënnerriichten, an ech gesinn awer dass ee fir d'éischt muss d'Kanner kucken an da soen, wat ass dat Bescht an där Situatioun fir d'Kand, an dass een dann den Unterrecht do mat drop opbaut.

Et ass gefrot ginn: Wéi ass et mam Régime Préparatoire? De Préparatoire fält hei net drënner. Dee bleift separat am EST bestoen als Filière, well do hu mer Kanner déi esouvill Schwieregkeeten hunn, déi deen Niveau net erreeche fir hei kënne matzemaachen, mä hoffentlech kréie mer awer duerch de Préparatoire eng Partie Schüler op de Programm, dass se sech hei och kënnen integréieren.

Dat hei ass keng Préfiguratioun, wëll ech dem Här Fayot soen, fir de Projet de loi iwwert d'Lycées techniques, well dat just e Kadergesetz ass.

Vum Här Colombera ass gesot ginn, et däerft een net an der Mëtt ufänken beim Enseignement, et misst een ënnen ufänken. Dem Här Colombera wëllt ech nach eng Kéier soen, mir hu schonn ënnen ugefaangen, andeem mer an der Spillschoul reforméieren, an der Primärschoul reforméieren, Teamteaching am éischten an am zweete Schouljoer afféieren, eng nei Method fir Liesen a Schreiwen ze léieren, en neien Däitschunterrecht. Dat gëtt gemaach. Mir kënnen awer net waarde bis déi Kanner eruwuessen, gesinn awer dass mer hei am Cycle inférieur vum EST och enorm Problemer hunn, a waarde bis déi vum éischte Schouljoer eropgewuess sinn a soen, dann haten déi, déi dertëschent leien, Pech. Ech mengen dat wär eng Attitüd déi net responsabel wier.

Den Här Fayot huet a senger Interventioun gesot, et wier komplizéiert. Et ass komplizéiert, dat ass richteg, an et kann ee sech d'Fro stellen, ob de Plenum hei vun der Chamber d'Plaz ass, fir iwwer esou en technesche Projet ze diskutéieren.

D'Froe sinn och nach net all beäntwert, well mer soss mussen an d'Pedagogik eragoen. Dofir géing ech lech, Här President, proposéieren, dass ech, mam Accord vun der Commission de l'Education nationale, ënnert der Presidentschaft vun der Madame Durdu, mat menge Mataarbechter a mat deenen, déi an deem Groupe de travail deelgeholl hunn, wat net nëmme Leit sinn aus dem Ministère, an d'Kommissioun kommen, wou déi lech da kënne Ried an Äntwert stoen zu all deene Punkten, déi haut sollen onkloer gewiescht sinn.

Ech soen lech op jidde Fall merci fir dësen Débat, an ech gesinn dass awer eng ganz Partie positiv Punkten elo schonn zréckbehale konnte ginn.

Merci villmools.

M. le Président.- Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss a mir wieren um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm.

Déi nächst Sitzung ass muer Mëttwoch de 14. Mee a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 17.01 heures)***


## Chambre des Députés

Compte rendu officiel

***Supplément commun aux quotidiens:***
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

***Contenu rédactionnel:***
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

***Conception, saisie de texte et mise en page:***
Polygraphic SA, Luxembourg

***Concept et coordination générale:***
media brain, agence en communication, Luxembourg



# Chamber TV

## weist all öffentlech Sëtzung live an integral

An der Gemeng Bartreng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Biwer an zu Wecker *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Bous *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Dippech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Iermsdref *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Esch-Sauer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Nidder- an Uewerfeelen *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Gréiwemaacher *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hieffenech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hesper *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem a Nouspelt *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Mamer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Manternach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Medernach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*


## Sommaire des séances publiques


Communication page 599

4891 - Projet de loi modifiant

1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'Etat;

2) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat;

3) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'Etat;

4) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat;

5) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;

6) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'Etat peut se faire changer d'administration et portant création d'un commissariat du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire

pages 599-614

Demandes en naturalisation pages 614-615

Ordre du jour page 615

Communications page 615

Accueil de M. Fidel V. Ramos, ancien Président de la République des Philippines page 615

Interpellation de M. François Bausch au sujet de la politique ferroviaire pages 615-628

Dépôt d'un projet de loi page 625

Communications page 628

Etablissement d'une liste de trois candidats pour un poste de Conseiller d'Etat pages 628-629

Heure d'actualité demandée par le groupe ADR au sujet de la mortalité des hêtres pages 629-631

4976 - Projet de loi portant approbation - de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Hongrie sur la coopération dans le domaine du tourisme, signée à Budapest, le 3 novembre 1995 - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de Malte sur la coopération dans le domaine du tourisme, signé à la Valette, le 16 octobre 1992

pages 631-632

5057 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et l'ancienne République yougoslave de Macédoine, d'autre part, et l'Acte final y afférent et de l'échange de lettres remplaçant la signature de l'Accord, signé à Luxembourg, le 9 avril 2001 pages 632-633

Ordre du jour page 633

Ordre du jour page 634

Communications pages 634

Heure de questions au Gouvernement

- Question N° 296 du 13 mai 2003 de Madame la Députée Marie-Josée Frank au sujet du forfait d'éducation, adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

pages 634

- Question N° 297 du 12 mai 2003 de Monsieur le Député Ben Fayot au sujet du profil des enseignants du précoce, du préscolaire et du primaire, adressée au Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports pages 634-635

- Question N° 298 du 13 mai 2003 de Monsieur le Député Robert Garcia au sujet de l'introduction de la nouvelle section G au sein du cycle supérieur de l'enseignement secondaire, adressée au Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports pages 635

- Question N° 299 du 12 mai 2003 de Monsieur le Député Ben Fayot au sujet des suites à donner aux initiatives énoncées lors du mini-sommet sur la défense européenne du 29 avril 2003, adressée au Ministre de la Défense pages 635

- Question N° 301 du 13 mai 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo concernant les conséquences du développement actuel de l'Euro, adressée au Ministre du Trésor et du Budget

pages 636

- Question N° 302 du 13 mai 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo au sujet de l'état de la procédure dans le projet de construction du Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation, adressée au Ministre aux Relations avec le Parlement pages 636

Question avec débat N° 28 de M. Serge Urbany relative à l'ONU et les relations futures entre Etats pages 636-637

Heure d'actualité demandée par le groupe Déi Gréng sur le projet pilote dans le cycle inférieur de l'EST pages 637-641

# QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

**COMPTE RENDU N° 15 / 2002-2003**

## Sommaire des questions parlementaires


| Question N° | Auteur | Objet |
|---|---|---|
| 2042 | Alex Bodry | Procédure d'établissement et d'approbation des plans d'aménagement communaux |
| 2052 | Jacques-Yves Henckes | Contrôle des rémunérations par la Cour des Comptes |
| 2054 | Jacques-Yves Henckes | Accidents routiers sous influence de drogues |
| 2070 | Ben Fayot | Sauvetage du site des villas gallo-romaines de Goeblange |
| 2081 | Gusty Graas | Panneaux d'information le long des autoroutes |
| 2091 | Gast Gibéryen | Reconnaissance de la langue luxembourgeoise en tant que langue officielle de l'Union européenne |
| 2092 | Nico Loes | Peste aviaire |
| 2101 | Renée Wagener | RTL Radio Web TV |
| 2103 | Serge Urbany | Manifestations pour la paix |
| 2107 | Jean Colombera | Risques liés aux bioaérosols générés par les composts |
| 2108 | Jean Colombera | Conditions de prise en charge des transports simples non urgents en ambulance |
| 2109 | Laurent Mosar | Copie privée et droit d'auteur |
| 2113 | Jean-Pierre Klein | Exclusion des enfants aveugles ou malvoyants de l'éducation précoce |
| 2114 | Laurent Mosar | Harmonisation de la fiscalité d'épargne |
| 2115 | Jacques-Yves Henckes | Taux réduit TVA pour disques compacts |
| 2116 | Aly Jaerling | Evolution de la production de miel |
| 2117 | Jacques-Yves Henckes | Participation du Luxembourg au test IGLU |
| 2118 | Aly Jaerling | Traitement par rayonnements ionisants des légumes secs et fruits secs |
| 2119 | Gusty Graas | Epidémie de pneumonies atypiques (SRAS) |
| 2120 | Xavier Bettel | Remboursement des perruques |
| 2122 | Marco Schank | Situation réglementaire des premixes à l'alcool |
| 2123 | Marc Zanussi | Conditions de récupération des archives de la Grande Loge du Luxembourg |
| 2124 | Marc Zanussi | Passeports pour étrangers |
| 2125 | Aly Jaerling | Qualité de l'eau potable à usage sur les foires et kermesses |
| 2126 | Mars Di Bartolomeo | Dépistage sélectif de la tuberculose |
| 2127 | Mars Di Bartolomeo | Trafic transfrontalier vers la France |
| 2128 | Mars Di Bartolomeo | Réforme du recrutement des universitaires auprès de l'Etat |
| 2132 | Jacques-Yves Henckes | Rythmes scolaires |
| 2133 | Mars Di Bartolomeo | Autotransfusion du sang |
| 2134 | Mars Di Bartolomeo | Propositions du Comité de surveillance du SIDA |
| 2135 | Jacques-Yves Henckes | Absentéisme à l'école |


Question 2042 (12.2.2003) de M. Alex Bodry *(LSAP)* concernant la procédure d'établissement et d'approbation des plans d'aménagement communaux:

Par le biais de cette loi, le Gouvernement entend modifier la loi de 1982 concernant l'inscription dans la loi de la possibilité pour l'Etat de participer, dans une mesure à définir, au fonctionnement des infrastructures immobilières nécessaires au fonctionnement des écoles privées, notamment lors de nouvelles constructions, d'agrandissement ou de la rénovation des bâtiments l'augmentation de la participation de l'Etat dans le financement du fonctionnement des écoles privées. Il est entendu que l'ensemble de ces mesures en faveur de l'enseignement privé ne change aucunement la priorité de l'engagement du Gouvernement en faveur de l'école publique.

La démarche gouvernementale est essentiellement marquée par la volonté de trouver un système de subsidiation clair et transparent pour les établissements de l'enseignement privé tant primaire que postprimaire. La deuxième démarche était celle d'opérer une distinction très nette entre les écoles privées appliquant le programme officiel de l'Education nationale et les autres. Le troisième volet étend la subsidiation des frais de fonctionnement aux frais d'investissement des écoles privées.

Dépôt par Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports, le 03.10.2002

Rapportrice: Mme Agny Durdu

Travaux de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports (Présidente: Mme Agny Durdu):

05.03.2003 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi et des avis du Conseil d'Etat

Organisation des travaux

26.03.2003 Examen des articles et de l'avis du Conseil d'Etat

24.04.2003 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 14.05.2003

Chamber TV

um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)

*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

um Réseau vun der Coditel

*um Kanal S 29*

*och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*

## Ordre du jour

1. Communications
2. Composition de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports
3. Ordre du jour
4. 5029 - Projet de loi concernant les relations entre l'Etat et l'enseignement privé et portant abrogation des articles 83 à 87 de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire

   *(Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Amendement - Vote - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
5. Dépot d'une motion par M. Nicolas Strotz relative à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre
6. 4942/5032 - Projet de loi modifiant la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

   *(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et Charles Goerens, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.30 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Ech hunn der Chamber folgend Kommunikatiounen ze maachen:

### 1. Communications

1) En date du 13 mai 2003 a été remise la pétition N° 250 «Fir méi Liewensqualitéit zu Schengen - Jo zu der Tankstell op der Saarautobunn».

2) A la demande de Monsieur Henri Grethen, Ministre des Transports, Monsieur François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 13 mai 2003 le projet de règlement grand-ducal N° 5127 portant transposition de la directive 2001/16/CE du Parlement européen et du Conseil du 19 mars 2001 relative à l'interopérabilité du système ferroviaire transeuropéen conventionné.

Monsieur Henri Grethen, Ministre de l'Economie, a déposé en date du 14 mai 2003 le projet de loi N° 5128 modifiant 1) la loi du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données, et 2) la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention.

### 2. Composition de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

An engem Schreiwes vun haut deelt d'CSV-Fraktioun mat, dass den Här Marco Schank sech aus der Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports zréckzitt. E gëtt duerch den Här Lucien Clement ersat.

Ass d'Chamber domat averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

### 3. Ordre du jour

Wat eis Sitzung vun haut ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz de Moie beschloss, de Projet de loi 5082 iwwert d'Ersetze vun de Schoulmeeschteren a Léierinne vum Ordre du jour erofzehuelen, well den Text modifizéiert gëtt.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5029 iwwert d'Bezéiungen tëschent dem Stat an der Privatschoul. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgesat. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Asselborn, Meisch, Colombera, Garcia, Urbany, d'Madame Nicklaus, déi Hären Zanussi a Scheuer.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Agny Durdu.

### 4. 5029 - Projet de loi concernant les relations entre l'Etat et l'enseignement privé et portant abrogation des articles 83 à 87 de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire

***Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports***

Mme Agny Durdu *(DP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer haut analyséieren, ass am Fong geholl déi ganz kloer Ëmsetzung vum Accord de coalition, deen dës Regierungsparteien am August 1999 ofgeschloss hunn, an deen ech elo ausdrécklech wëll agangs hei zitéieren: „Le gouvernement entend modifier la loi de 1982 concernant l'inscription dans la loi de la possibilité pour l'Etat de participer dans une mesure à définir au fonctionnement des infrastructures immobilières nécessaires au fonctionnement des écoles privées, notamment lors de nouvelles constructions, d'agrandissement ou de la rénovation des bâtiments." E bësse méi wäit: „L'augmentation de la participation de l'Etat dans le financement du fonctionnement des écoles privées. Il est entendu que l'ensemble de ces mesures en faveur de l'enseignement privé ne change aucunement la priorité de l'engagement du gouvernement en faveur de l'école publique."

Ënnert dëse Viraussetzungen ass also dëse Projet de loi vun der Regierung ausgeschafft ginn. Mir hunn en de 5. Mäerz déi éischte Kéier an eiser Kommissioun analyséiert. Mir sinn och konfrontéiert gi mat engem Avis vum Statsrot. Beim Avis vum Statsrot konnte mer feststellen, datt mer en Avis majoritaire kritt hunn, awer och zwee Avis minoritaires. Een Avis minoritaire ass strikt géint dëse Projet de loi mat folgenden Argumenter:

Déi héich Kierperschaft fäert, datt dat heite Gesetz géif de privaten Enseignement am Fong geholl favoriséieren, an dat au détriment vum Enseignement public. Et ass d'Angscht, datt d'Ecole publique géif an hirer Unicitéit gestéiert ginn. Et ass d'Iwwerzeegung, datt déi Autonomie, déi d'privat Schoulgebaier bis elo hunn an och viru wäerten hunn, am Fong geholl e Besoin ass, deen och fir déi öffentlech Schoulgebaier misst unbedingt recherchéiert ginn. Et ass natierlech esou, datt dëst Gesetz wäert eng Partie finanziell Mëttelen zur Verfügung stelle fir de privaten Enseignement. Et ass och d'Angscht, datt déi wierklech e bëssen héich wären. Eng weider Angscht ass déi fir ze soen, datt am Fong geholl d'Schoul riskéiert e Commerce ze gi wéi een aneren, woumat si natierlech guer net konnten averstane sinn.

Deen zweeten Avis minoritaire vum Statsrot ass am Fong geholl mat de Mesuren, déi virgesi sinn, averstanen, och mat de Critères de subsidiation kann e sech nawell identifizéieren, mä en huet awer zwee aner Problemer opgeworf, nämlech datt ee seet, déi Elteren déi Kanner a Privatschoule schécken, déi musse virun e Minerval bezuelen. Dat ass eng Diskriminatioun vun deenen Elteren, well déi bezuelen dann am Fong geholl zweemol, eng Kéier an hirer Eegeschaft als Steierzueler, an eng aner Kéier als déi Elteren, déi hir Kanner wëllen a Privatschoule schécken.

Déi zweet Diskriminatioun ass déi, datt an dësem Gesetz effektiv eng Distinctioun gemaach gëtt tëschent deene Schoulen déi de Lëtzebuerger offizielle Schoulprogramm utiliséieren an deenen aneren.

Deen drëtten Avis, den Avis majoritaire vum Statsrot, ass positiv zu dësem Gesetzesprojet agestallt, huet en och a senger ganzer Largesse gedroen. Et ass och dofir deen Avis op dee mer eis an eisen Aarbechten an der Chamberskommissioun beruffen. Déi textlech Ännerungen, déi de Statsrot a sengem Avis majoritaire virgeschloen huet, déi hu mir integral iwwerholl. Deen Avis hat och eng Opposition formelle gemaach op engem Punkt, op deen ech wäert spéider agoen.

Op all déi Bedenken, déi an deenen Avis minoritaires vum Statsrot ausgedréckt gi sinn, wäert ech am Laf vu mengem Rapport agoen. Et ass wichteg, wann een iwwert dëst Gesetz schwätzt, datt een awer gesäit wéi d'Ausgangspositioun momentan vun de Privatschoulen ass.

Déi éischte Kéier ass am Intérêt vun de Privatschoulen den 31. Mee 1982 légiféréiert ginn. Deemools sinn am Fong geholl folgend Prinzipien zréckbehale ginn:

Et soll all Eltere méiglech sinn datt si fräi décidéiere kënnen, ob si hir Kanner elo an eng öffentlech Schoul oder an eng Privatschoul schécken. A wann dee Besoin 1982 an der deemoleger Lëtzebuerger Gesellschaft do war, ass en haut, menger Meenung no, nach vill méi prononcéiert a mir sollen deem och nokommen.

Et si ganz kloer deemools well Kritäre festgehale ginn ënnert wat fir enge Konditiounen een eng Privatschoul ka grënnen a wéi se muss gefouert ginn. Et ass de Stat, deen e Contrôle pédagogique vun deene Schoulgebaier organiséiert, an da ganz kloer d'Oplag un d'Privatschoulen, datt se sollen op qualifizéiert Personal zréckgräifen, wat deemools fir méi wéi eng vun dene Schoulen eng richteg Erausfuerderung war. De Stat bréngt am Kader vun deem Gesetz seng Subsidiatioun nëmme fir de Fonctionnement vun de Schoulen. De Subside gëtt berechent no der Zuel u Kanner, déi present sinn an der Schoul, an nom Alter vun de Kanner. Da weider op der Bais vun der Qualifikatioun vum Personal an der Zuel vum Personal.

Dat Gesetz vun 1982 huet folgend Schoule viséiert: Marie Consolatrice zu Esch, d'Ste Elisabeth zu Elwen, Ste Sophie an der Stad, de Fieldgen an der Stad, Ste Anne zu Ettelbréck, Notre Dame de Lourdes zu Dikrech, d'Doctrine chrétienne zu Diddeleng an de Lycée technique privé Emile Metz zu Dummeldeng. Wéi ee gesäit sinn et essentiellement deemools Congrégatiounsschoule gewiescht ausser dem Institut Emile Metz.

Zënter 1982 ass eis Privatschoulgesellschaft évoluéiert an huet sech och geännert. Dräi Schoulen hunn zougemaach: déi zu Ëlwen, déi zu Diddeleng an déi zu Dikrech. Et sinn och eng Partie international Schoule bäikomm, besonnesch d'International School, obschonn déi schon an engem gewësse Mooss present war, iwwert d'Dupont Primary School, déi zënter 1962 hei am Land ass, an d'American International School. Mä 1984 koum dunn de Lycée Vauban, d'Ecole Waldorf, St. Georges School an d'Ecole maternelle et primaire française derbäi.

Obschonn et keng regelrecht legal Basis gouf fir dëse Schoulen entgéint ze kommen, esou hunn awer all d'Regierungen zënter 1984 zwar keng Ëmännerung vum Gesetz vun 1982 gemaach, mä hu se awer deene Schoulen ënnert d'Äerm gegraff op déi verschiddenst Aart a Weisen. Ganz dacks goufen deene Schoule Schoulinfrastrukturen zur Verfügung gestallt. Dat beschte Beispill ass elo d'International School, déi um Geesseknäppchen e ganz neien Doheem fonnt huet. Doriwwer eraus gëtt et awer och eng Décision du Gouvernement, déi festhält datt Privatschoulen d'Kommunaltaxen, hir elektresch Fräen, hir Heizungsfräe vum Stat gedeckt kréien, an et ass an anere Regierungsdécisioune festgehale ginn, datt eng Partie Schoulen awer nach ee Subsid pro Kand kréien. Dat ass ënner anerem d'Ecole Waldorf. Wat awer och festzestellen ass, datt esouguer nach Congrégatiounsschoulen iwwer d'Limitë vun deem Gesetz vun 1982 eng Ënnerstëtzung kréien. Dat ass ënner anerem Ste Sophie, wat de Primärschoulberäich betrëfft.

Wann een dann elo gesäit, datt vun eiser Schoulpopulatioun vun 2001, an déi Chiffre sinn nach ëmmer richteg, ongeféier eng 12% am Privatschoulberäich rëmzefanne sinn, wann ee gesäit, datt eise Stat ongeféier 32 Milliounen Euro pro Joer an déi Schoulen investéiert, dann ass et vläicht emol wichteg eng Kéier opzelëschte wéi vill Subsidiatioun an der Moyenne pro Schoulgebai erausgeet. Do sinn et fir de Lycée technique Emile Metz 11.379 Euro. Fir de Fieldge sinn et 7.081 Euro. Et si 5.912 Euro fir d'International School. Fir d'Waldorfschoul sinn et 1.804 Euro.

Déi nei Regierung, déi ugetrueden ass fir an dësem Beräich ze légiféréieren, wéi am Accord de coalition festgehalen, huet sech e puer Kritäre ginn no deene se wëllt fir de Privatschoulberäich agéieren.

Éischtens huet se sech als Zil ginn e Système de subsidiation ze fannen, dee kloer Kritären, kloer Limiten a Grenze festsetzt. Ech renvoyéieren hei expressiv verbis op d'Artikelen 1, 2, 3 vum Projet de loi, a besonnesch op den Artikel 15. Ech erkläre mech. An dësem Projet de loi ass festgehalen, wat fir eng Konditiounen d'Privatschoule mussen erfëllen, fir iwwerhaapt an de Genoss vun der Subsidiatioun ze kommen. Si mussen natierlech gewësse Sparten ëmräissen, an do mécht dëst Gesetz eng Ouverture andeems et seet, et gëtt net nëmme méi de Postprimaire viséiert, mä och de Primaire. Dat ass ganz kloer an dësem Gesetz viséiert, mä doriwwer eraus muss awer all Schoul eng Partie Konditiounen erfëllen. Ënner anerem musse se eng Autorisation ministérielle hunn, fir iwwerhaapt e Kontrakt en vue vun der Subsidiatioun ofzeschléisse mat der Regierung, a fir iwwerhaapt déi Autorisation ministérielle ze kréien, mussen d'Schoulen eng ganz Partie Qualifikatioune matbrénge wat hiert Personal betrëfft, wat den Zoustand vun hire Gebaier betrëfft, etc., etc.. Déi sinn opgelëscht am Gesetz an ech wollt elo net weider dorop agoen.

Gläichzäiteg gëtt de Minister sech awer och d'Méiglechkeet fir kënnen ze sanctionnéieren an ze kontrolléieren. Fir d'éischt kontrolléieren, wa se hir Autorisation ministérielle ginn, respektiv ier se de Kontrakt esouguer ofschléissen. An och wann de Kontrakt ofgeschloss ass, gëtt nach ëmmer eng Kontroll gemaach. A wann et esou ass, datt eng Schoul sengen Obligatiounen net méi nokënnt, dann ass et ganz kloer esou, datt de Minister kann d'Autorisation ministérielle zréckzéien, mä hie kann och d'Subsidiatioun natierlech zréckzéien an doriwwer eraus si Sanctions pénales virgesinn, esou datt mer an der Kommissioun zur Konklusioun komm sinn, dës Regierung huet sech eng Rumm ginn ënnert där se déi Subsidiatiounskritäre ganz kloer festsetzt an d'Regierung huet sech déi néideg Moyene gi fir kënnen ze subsidiéieren, mä och fir d'Subsidiatiounskritären, fir ze soen, si sinn net méi erfëllt a fir dann och d'Subsidiatioun zréckzezéien.

Ech wëllt awer och nach signaléieren, wann ee vu Privatschoule schwätzt, et si bestëmmte Regimer déi net viséiert sinn an dësem Gesetz. Dat ass ënner anerem déi Ausbildung, déi intern an de Betriber offréiert gëtt. D'Education différenciée ass net viséiert, de postsekundären Unterrecht ass net viséiert, an och d'Unië sinn hei ganz kloer ausgeschloss.

Den zweete Kritär, dee sech dës Regierung zougeluecht huet, ass, datt se gesot huet, mir maachen eng Distinction tëschent de Schoulen, déi de Lëtzebuerger Schoulprogramm applizéieren, an deene Schoulen, déi en net applizéieren.

Do kann ee sech natierlech d'Fro stellen: Firwat gëtt et dann am Fong geholl dës zwou Kategorië vu Schoulen? Déi eng déi se applizéieren an déi aner net. Ech mengen, do geet et am Fong geholl domat duer, datt een e bësse kuckt wat fir e Genre Schoulen hu mer a wat fir enge Besoinen entsprieche se.

Déi Schoulen, déi de Lëtzebuerger Schoulprogramm net applizéieren, si grosso modo déi Schoulen, déi ech virauser ugeschwat hunn, déi international Schoule sinn, déi an en internationale Réseau agebonne sinn. Firwat gëtt et déi dann iwwerhaapt bei eis am Land? Majo ganz einfach, mir sinn e Land wat seng Roll ze spillen huet op internationale Plazen, an et ass ganz kloer esou, datt och an eisem Land international Institutioune sinn. Et sinn aner Länner bei eis representéiert iwwert d'Ambassaden. Doriwwer eraus hu mer eng international Finanzplaz, déi jo net déi allerschlechtst ass, an et ass nun emol einfach esou, datt eis Wirtschaft och déi ass, datt e ganze Koup Kaderen hei bei eis an d'Land schaffe kommen.

Mä déi dräi Kategorië Leit déi do schaffen, dat sinn der ganz dacks, déi net aus eisem Land kommen, déi da bei eis an d'Land kommen. Vläicht fir zwee Joer, vläicht fir dräi Joer, muenchmol och fir zéng Joer.

Mä et ass jo normal, datt déi Leit, déi heihinner kommen, aus wat fir enge Grënn och ëmmer, fir hir eege Carrière ze ënnermaueren, och aus finanzielle Grënn, déi kommen awer net nëmme wann et hinne perséinlech hei am Land gutt geet, mä wa si och sécher sinn, wat geschitt mat eise Kanner, wa mir an en anert Land ginn a wat geschitt do virun allem dann, wa mir hei fort ginn an an en anert Land ginn. Dofir ass de Réseau vun esou internationale Schoule wichteg, an et ass och extrem wichteg datt dës Schoulen an eisem Land present sinn, an dofir musse mer eis fir déi Schoulen asetzen. Ech mengen, do ass jo och e Konsens an dem Sënn present - wéi ech virauser opgeworf hunn -, et si jo elo ewell finanziell Ënnerstëtzungen un déi Schoule gaangen oder zumindest hu se Mesurë kritt, Gebaier zur Verfügung gestallt kritt, esou datt een net ka soen, et wär en Dissentiment present hei am Land fir déi Schoule virun ze ënnerstëtzen.

A wéi gesäit et da mat deene Schoulen aus, déi de Lëtzebuerger Schoulprogramm applizéieren. Do sinn eng ganz Partie Argumenter wou ee seet, majo, déi gëtt et aus deenen an deene Grënn. Déi si vum Statsrot opgelëscht ginn op eng ganz gutt Aart a Weis an ech bräicht déi a mengem Rapport am Fong geholl nëmmen erëm ze huelen. Éischtens hu se eng ganz laang Traditioun. Et si Schoulen, déi ewell extrem laang bestinn, déi ganz dacks déi éischt woren, déi hei am Land d'Educatioun iwwerholl hunn a besonnesch am Intérêt vun de Meedercher agéiert hunn.

Zweetens ass et esou, datt dat geméinlech Schoule waren, déi gutt fonctionnéiert hunn, esou datt se sech hir eege Clientèle gezillt hunn - wann ech dat däerf esou soen -, well de Mère en Fille fënnt een do ganz dacks déi nämlecht Famillje present erëm. Dann ass et esou, datt ganz dacks déi Schoulen en Internat derbäi hunn. An hei wollt ech och ganz kloer verweisen op de Statsrot, deen do festhält: „Le Conseil d'Etat voudrait à cet égard encourager les autorités compétentes à trouver à brève échéance des solutions au manque actuel d'internats publics."

Deem kënne mir als Kommissioun an deem kann ech perséinlech nëmmen zouflichten. Mir bräichten onbedéngt öffentlech Internater an eisem Schoulbetrib a mir hunn der jo well eng Partie. Wann ech un d'Hotelschoul denken, an ech denken un den Ackerbaulycée, dann ass zu Réiden en Internat virgesinn, mä doriwwer eraus ass nach eng ganz Partie Schoulen hei am Land, an ech mengen déi allermeescht vun eisen öffentleche Schoulen, déi keng Possibilitéit vun Internat hunn. Ech mengen, datt do e Besoin ass.

Dann ass et natierlech och esou, datt déi Privatschoule ganz dacks méi eng kleng Struktur hunn, wou et also och den Direkteren oder dem Personal vläicht éischter méiglech ass fir op déi speziell Besoinë vun hirer Schoulpopulatioun anzegoen. Si hunn och vläicht méi en direkte Kontakt mat der Schoulpopulatioun an den Elteren. A vill Eltere gräifen op Privatschoulen zréck, well se do deen Encadrement fannen, vläicht och well se fälschlecherweis der Meenung sinn, datt dat an öffentleche Schoulen net de Fall ass.

Nichts desto trotz seet dann den Avis minoritaire vum Statsrot: „Elle se démarque de l'enseignement public par plus de souplesse et de capacité d'adaptation aux besoins des enfants scolarisés. Or, ces besoins existent également pour l'école publique. En effet, un enseignement public plus rigide et traditionnel serait d'avance perdant dans une concurrence avec un enseignement privé, etc."

Ech sinn zwar net der Meenung, datt weder mat dem Gesetz vun '82 nach mat deem Jëtzegen eng unlauter Konkurrenz wäert entstoen tëschent der Privatschoul an der Ecole publique, mä nach deelen ech den Avis minoritaire vum Statsrot wann e seet: Majo, och öffentlech Schoule brauchen eng gewëssen Autonomie, déi brauchen eng gewësse Méiglechket fir sech ze organiséieren, op hir Populatioun anzegoen.

Also, ech deelen déi Approche an ech freeë mech dann och drop, wa mer an der Kommissioun, hei an der Plénière iwwert d'Autonomie vun de Schoulgebaier wäerten diskutéieren. Ech mengen, da misst sech eng large Majoritéit an dësem Haus am Intérêt vun eise Schoulen erauskristalliséieren.

Da sinn nach zwou aner Kategorië Kriticken ëmmer opgeworf ginn, déi mer an der Kommissioun analyséiert hunn. Déi eng, déi seet, déi dote Kategorië vu Privatschoule sinn esou organiséiert, datt do nëmmen eng gewësse Kategorie vu Leit kann dohinner goen, datt et fir déi Besserverdiener ass, op gutt Lëtzebuergesch gesot.

Mir hunn eis Chiffere komme gelooss vun de Privatschoulen an ech mengen, d'Chifferen, déi stroofe Ligen déi Aussoen, déi soen, datt déi Schoule sech nëmmen un eng bestëmmte Clientèle hei am Land adresséieren. Et stëmmt net!

Ech wollt Iech do kuerz Chiffere soen: Fir d'Schouljoer 2002-2003, an Dir fannt déi op de Säite 6 a 7 vu mengem Rapport, do kënne mer festhalen, datt zum Beispill d'Ecole Notre-Dame, dat heescht St. Sophie, am Schouljoer 2002-2003 833 Schüler hat. 9% Aarbechter, 19,6% vun de Professions libérales an dann hunn déi dote Schoulen eng Ënnerkategorie gemaach tëschent Employé an der Carrière inférieure, moyenne a supérieure. Do fënnt ee bei der Carrière inférieure 17,6%, moyenne 27% a bei den Employéen aus der Carrière supérieure 9,4%.

Aner Zuele schwätzen nach vläicht méi däitlech. D'Ecole privée Marie-Consolatrice zum Beispill zielt 588 Elèven. 68,54% kommen aus dem Aarbechtermilieu. Ech mengen, dat beseet villes.

Beim Fieldgen ass d'Schülerzuel nach méi héich, 1.415 Elèven. Do kommen 39% aus dem Aarbechtermilieu an 9% aus dem Fräiberufflermilieu, wat jo och nach ganz Bänn schwätzt.

D'Ecole privée St. Anne zu Ettelbréck huet 632 Schüler. 56,33% kommen aus dem Aarbechtermilieu. Ech brauch also net weider op déi dote Chifferen an op déi Argumentatioun, déi heiansdo ugefouert gëtt hei am Land, anzegoen.

Am nämlechten Ootemzuch ginn dann och déi Schoule kritiséiert an dann heescht et: Jo, mä do si gewësse Leit, déi organiséiere sech elo e Garde-fou, an et gëtt e bëssen ugespillt op Lëtzebuerger, déi sech vläicht net wëllen ënnert d'Auslänner mëschen an da soe se eben, d'Unicitéit vun der Schoul gëtt a Fro gestallt.

Wann een dann awer kuckt, wéi d'Zuelen, an hei sinn d'Chifferen och ganz kloer, bei der Ecole Notre-Dame sinn. D'Schouljoer 2002-2003, déi huet 668 Lëtzebuerger, 160 Auslänner an dovunner 49 Portugisen. D'Ecole privée Consolatrice 361 Lëtzebuerger, 227 Auslänner an dovunner 61 Portugisen.

De Fieldgen huet 1.026 Schüler, dovunner 389 Auslänner an dovunner sinn der dann 237 Portugisen.

Beim St. Anne ass et nach méi kloer. 427 Schüler, 205 Auslänner, an dovunner 145 Portugisen, esou datt een elo wierklech net ka soen, datt déi Schoule géifen integréieren, a gewéinlech ass hire Minerval och nach net héich. Deen dréint tëschent 300 an 350 Euro, dat sinn nach ëmmer 300 an 350 Euro, mä ech mengen, an eisem Land, esouguer Leit, déi méi e moderat Akommes hunn, kënnen do nach ëmmer mathalen.

An deem Kontext wëllt ech och nach eng Kéier hiweisen op d'Sanktiounsméiglechkeeten an op d'Evaluatiounsméiglechkeeten, déi de Minister huet, ier en eng Schoul subsidiéiert, a wou ganz kloer festgehalen ass, datt d'Conditions de recrutement eng Konditioun ass fir iwwerhaapt eng Autorisation ministérielle ze kréien als Privalschoul, fir däerfen hei am Land als Privatschoul ze fonctionnéieren an de Subsid ze kréien.

Da kënnt natierlech d'Häerzstéck vun dësem Gesetz. Dat ass deen dee festhält wéi de Subsid dann elo ausgesäit. An do war et ganz kloer esou, datt dës Regierung gesot huet, bis ewell sinn et d'Frais de fonctionnement déi subsidiéiert ginn, an am Accord de coalition stoung kloer, mir setzen déi Subsidiatioun erop a mir breede se aus op eng Hëllef fir den Entretien vun de Gebaier a mir weide se virun allem aus beim Bau vun neie Gebaier, déi dës Schoule wäerte mat gréisster Wahrscheinlechkeet och an der Zukunft envisagéieren.

Op dem Tableau synoptique op de Säite 7 an 8 vu mengem Rapport gesidd Der och wéi dës Subsidiatioun ausgesäit. Am Fong geholl gëtt hei eng Distinctioun gemaach tëschent Primaire a Post-primaire, mä virun allem tëschent deene Schoulgebaier déi déi Lëtzebuerger Schoulprogrammer applizéieren an deenen aneren. Am Fong geholl ass d'Haaptdistinctioun déi bei de Frais de fonctionnement, wou da festgehale gëtt datt Schoulgebaier, déi de Lëtzebuerger Schoulprogramm applizéieren, eng Subsidiatioun vun 40 bis 90% maximal kënne fannen, an déi, déi net de Lëtzebuerger Schoulprogramm applizéieren, kréien dann eng maximal Subsidiatioun déi bis 40% geet. Wichteg ass dann awer hei ze soen, déi 40% vu wat par rapport zum Maart. Zu wat? Dat si 40% par rapport zum Coût moyen, wat e Schüler de Stat an engem öffentleche Schoulgebai kascht, dat ass wichteg fir dat ze soen.

***(Interruption)***

Okay. Et ass wichteg, fir dat ze soen, wann en herno nach aner Kriticken opwerft oder wann ech iwwer aner Kriticken nach diskutéieren, déi gemaach gi sinn.

Da bei den Aides à l'investissement an den Aides à l'immeuble, do ass et sou dass sou gutt bei deenen enge wéi bei deenen aneren d'Aide à l'entretien des immeubles vum Stat iwwerholl gëtt, zwar awer och nëmme bis zu enger bestëmmter Limite, déi am Gesetzestext zréckbehale ginn ass. An d'Aide à l'investissement, dat ass natierlech déi ganz grouss Neierung, wou gesot gëtt, 80% vun deem wat déi nei Gebaier betrëfft wäerte vum Stat iwwerholl ginn. An och hei muss ech soen, 80% vu wat, an dat ass och par rapport zu der Moyenne vun deem, wat de Stat a seng eege Schoulgebaier, deen nämmlechte Genre Schoulgebai, géif investéieren.

Elo stellt sech natierlech d'Fro: Jo, wou kommt der dann iwwerhaapt un déi 80%, wann et heescht Aide au financement an Aide à l'entretien des immeubles? Do hat de Stat probéiert - dat hu mer vun der Regierung esou erklärt kritt - eng Referenz-Subsidiation ze fannen am Lëtzebuerger System, op wat fir eng Aart a Weis se subsidiéieren. Do ass sech referéiert ginn op d'ASFP-Gesetz, wat normalerweis e largen Appui hei am Land bis ewell nach ëmmer fonnt huet, an dat schéngt jo och relativ gutt ze fonctionnéieren, sou dass also déi 80% hir Basis an der Philosophie vum ASFP-Gesetz fannen; dat war eng Approche, déi mir an der Kommissioun konnten noverfollegen. Well ech mengen et ass gutt, dass ee sech och als Stat kloer an transparent Kritäre gëtt, wou jidderee sech kann erëm fannen, an et ass net gutt, wann ee bei dësem Thema bal déi eng Referenz, bei engem aneren Thema eng aner Referenz hëlt. Et ass jiddefalls sou, dass mer eis konnten domat identifizéieren.

Dann ass natierlech d'Argument ugefouert ginn: Majo, Dir hëlleft deenen elo wierklech op eng extrem Aart a Weis, do ass awer de Risiko, dass do Sue verluer gi fir den öffentleche Secteur an dass de Privatsecteur wäert ausgebaut ginn an den öffentleche Secteur dorënner wäert leiden.

Éischtens, dës Regierung - an dat hunn ech a mengem Rapport geschriwwen, an d'Chiffere sprieche och do Bänn - huet sech prioritär nach ëmmer fir den Enseignement public engagéiert, a wann een d'Chiffere vun eiser Education nationale kuckt, dat schwätzt Bänn. 1999 hate mer do en Engagement vu 502 Milliounen Euro, an 2002 sinn et well 622 Milliounen Euro déi engagéiert ginn. Et kann een also net soen, dass dëse Stat iergendwéi am Enseignement knéckt, fir dat emol op déi Aart a Weis auszedrécken.

An da sinn ech och der Meenung, wann een d'Analys mécht, dass bei deene Kritären, déi hei festgesat ginn, et net esou ka sinn, dass d'Privatschoule subsidiéiert ginn au détriment vun der Ecole publique. Et ass net fir näischt, dass ech gesot hunn déi Prozenter, déi sinn ëmmer par rapport zu eppes. De Stat selwer huet jo eng Evaluatioun vun deem, wat hien a seng Schoul investéiert.

A wann elo eng Privatschoul zum Beispill kënnt a seet: Ech bauen elo en neit Schoulgebai an dat kascht X, da sinn déi praktesch Kontrollen déi gemaach gi folgend: Déi Pläng an déi Devisen, an herno natierlech och d'Décompten, gi fir d'éischt an de Ministère des Travaux publics, an da gëtt gekuckt, wou läit dann an der Moyenne den Investissement deen de Stat gemaach hätt, wann en déi do Kategorie Gebai an där Gréisst do gebaut hätt. Wann dann d'Privatschoul vill méi héich läit wéi de Stat géif leie wann en déi Aarbechte géing maachen, da kritt déi Privatschoul nëmmen déi Hëllef bis zu deem Quantum wou de Stat fir seng eege Schoulgebaier d'Ënnerstëtzung krut hätt. Läit d'Privatschoul natierlech wäit ënnert deem Taux, gëtt si nawell ëmmer nëmme subsidiéiert mat deenen 80%, par rapport zu deem wat si selwer subsidiéiert.

***(Interruption)***

Dat ass een Thema wat absolut däerf diskutéiert ginn, mir wieren natierlech dankbar wa mer eng adequat Hëllefstellung ganz dacks géinge fannen, an ech mengen Dir sidd dee richtege Mann, fir dat der Regierung mat op de Wee ze ginn.

Une voix.- Awer eréischt an där nächster Regierung.

Mme Agny Durdu *(DP)*, *rapportrice*.- Dat gesi mer, ob Der dee Moment dee richtege Mann sidd.

***(Interruption)***

Sou dass also menger Meenung no eng automatesch Brems ageluecht ass, sou dass een net ka soen, d'Privatschoulen, déi fänken elo un ze iwwerdreiwen.

***(Interruption)***

Sou dass ech also der Meenung sinn, dass do Bremsen ageluecht sinn an dass d'Privatschoule garantéiert net wäerten iwwert d'Strengt schloen, a wa se driwwer schloen, ass et à leur propre détriment. An dann ass et natierlech och esou, wann een déi dote Grenze festsetzt, wann dann de Stat vill a seng Schoulen investéiert, jo da profitéiert och vläicht eng Privatschoul dovunner, bei deenen Ausrechnunge vun deene Prozenter, awer wann de Stat seng Participatioun erofsetzt, da geet et och au détriment vun der Privatschoul, sou dass ëmmer nach eng Corrélatioun zwëschent dem Privatsecteur an dem öffentleche Secteur ass, deen absolut an de Limitë bleift.

Dann ass natierlech och ganz kloer, dass d'Aiden évaluéiert ginn. Da wor eng Diskussioun, déi och nach gefouert ginn ass, an am Gesetzesprojet ass do eng Spezialdispositioun virgesinn an dat muss een och wierklech sou unerkennen. Et ass sou, dass mer jo alleguerte konnte feststellen, dass an de leschte Joren e Boom an der Schülerzuel hei am Land wor, de Stat hat relativ vill Problemer fir do ze reagéieren, mä et muss een awer feststellen, dass besonnesch d'Privatschoulen extrem gutt reagéiert hunn an extrem séier reagéiert hunn. Déi Schoulen, déi hu sech awer elo natierlech e bësse verausgabt, par rapport zu anere Privatschoulen, a fir do erëm en Equiliber zwëschent deenen engen an deenen aneren ze kréien a fir se och op déi nämlecht Ausgangspositioun ze setze mat hiren anere Kolleegen aus dem private Schoulberäich, ass festgehale ginn, dass fir déi Privatschoulen, déi de Lëtzebuerger Schoulprogramm applizéieren, d'Investissementskäschten, déi an de leschten zéng Joer gemaach gi sinn, den Amortissement zu 80% vum Stat wäert iwwerholl ginn.

Den Avis majoritaire vum Statsrot ass net weider op dës Argumentatioun vun der Regierung agaangen. Mir konnten op alle Fall an der Chamberskommissioun déi Argumentatioun verstoen a si huet och deementspriechend eis Zoustëmmung fonnt.

An dat sinn am Fong geholl elo déi direkt Diskussiounen déi a puncto Subsidiatioun gefouert ginn. Da wollt ech awer och nach op een Argument äntweren, wat ugefouert ginn ass a wou gesot ginn ass: Dir subsidiéiert awer elo d'Privatschoule massiv, da wäert et jo och elo sou sinn, dass dat e ganz gutt Geschäft ass, wann ee sech dozou komme léisst a sech an d'Privatschoulen engagéiert, an déi déi do si wäerten dann hiert Geld domadder verdéngen.

Ech mengen deem ass garantéiert net esou. Mir kruten dat och vun de Beamten aus dem Ministère de l'Education nationale erkläert, sou gutt beim 1982er Gesetz wéi bei deem zukünftege modifizéierten 1982er Gesetz ass et ganz kloer sou, wann eng Privatschoul hir Décompten, vum éischte Frang respektiv elo vum éischte Cent un, virleet, fir Subsidien ze kréien, a wa se Benefiss sollte maachen, dann ass d'Subsidiatioun gestrach.

An ech menge wann een den Artikel 17 vun deem Gesetzesprojet elo liest, do ass jo ganz kloer eng vun de Konditiounen déi virgesäit, dass, fir eng Subsidiatioun ze kréien, e Kontrakt muss ofgeschloss ginn tëschent der Schoul an tëschent der Regierung, oder tëschent dem Ministère de l'Education nationale besser gesot, do ass eng Dispositioun déi virgesäit, d'Schoulen déi dee Kontrakt maachen, sollen eng A.s.b.l. sinn, an ech mengen, wa se eng A.s.b.l. solle sinn, dann ass et ganz kloer, dass et kee But de lucre ass, sou dass also genuch Garantien och an deem Beräich do sinn. Well ech mengen effektiv dass d'Schoulen net sollen de Beräich si wou Commerce bedriwwe gëtt, dat ass garantéiert net den Enseignement dee sech an dësem Land gewënscht gëtt, vu kenger Partei, an duerfir si mir där Meenung gewiescht an der Kommissioun an hu mer och déi néideg Garantien an dësem Gesetz erëmfonnt.

Ech hat virauser gesot gehat - an dat wäert dann elo d'Ofschlossremarque sinn -, dass de Statsrot eng Opposition formelle gemaach huet. Am Kader vun dësem Gesetz ass virgesinn, dass eng Commission du contrôle agefouert gëtt, déi setzt sech aus sechs Leit zesummen, an den initiatle Gesetzesprojet hat hei virgesinn, dass hei e

Member wär vun der Cour des Comptes. Hei huet awer de Statsrot eng Opposition formelle gemaach, well hie seet, dat ass onméiglech fir d'Cour des Comptes am Fong geholl op zwou Aart a Weisen an de Contrôle vun de Finanzen anzebauen, eng Kéier well mam But, dass se hei am viraus kontrolléieren an dann herno nach eng Kéier, wa se de Ministère kontrolléieren. An dofir hu mir eis deem Avis, deen absolut richteg ass, ralliéiert. Et sinn also elo bei där Commission du contrôle sechs Leit present, dräi kommen der aus der Education nationale an dräi kommen der aus dem Budgetsministère, an da misst normalerweis dee Contrôle och gutt an effikass regléiert ginn an, wéi gesot, mir als Chamber hunn dann iwwert d'Cour des Comptes eng Méiglechkeet.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Voilà, dat ass den Text, esou wéi ech en ze presentéieren hunn. Ech konnt vläicht net op all Problemer, déi sech stellen, ausféierlech äntwerten. Ech stinn also nach gäre Ried an Äntwert wann eppes sollt sinn. Mä op Base vun deenen Argumenter, déi ech opgefouert hunn, hu mer an der Chamberskommissioun diskutéiert an et huet eng lescht Majoritéit décidéiert, dass dëse Gesetzesprojet gutt wär, sou dass ech elo am Numm vun där Kommissioun d'Plénière invitéieren dëse Gesetzesprojet ze stëmmen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass de Claude Wiseler agedroen. D'Wuert huet den Här Wiseler.

***Discussion générale***

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ufänke wéi ëmmer an der Rapportrice, der Madame Agny Durdu, merci soen. Si huet an allen Detailer dëse Projet erkläert. Si huet dat wéi ëmmer gutt gemaach, an ech wëll och net déi technesch Detailer widderhuelen, déi se alleguerten hei virgeluecht huet.

Dëse Projet huet kloer en eminent politeschen Aspekt. Et sinn och vill Argumenter ausgetosch ginn, an deene leschte Wochen, deene leschte Méint an der Zeitung, op der Televisioun, a well ech elo deen éischte vun de Riedner hei sinn nom Rapporteur a well a sech d'Oppositioun nach net geschwat huet, muss ech mech dorobber beruffe fir e wéineg meng Argumentatioun hei ze ënnerleeën a fir e wéineg mat deenen Iddië mech auserneenzesetzen, mä ech denken datt d'Oppositioun jo och wäert datselwecht haut de Mëtte soe wéi se et d'lescht Woch an der Pressekonferenz gesot huet.

***(Interruption)***

Een Deel vun der Oppositioun. Här Gibéryen, Dir hutt Recht dat ze preziséieren.

Dës Diskussioun, esou wéi se dobausse scho gefouert ginn ass, kann een a sech an zwou separat Diskussiounen andeelen. Éischtens eng Diskussioun iwwert de Prinzip selwer vun de Privatschoulen, zweetens eng Diskussioun ëm Textëmännerungen, déi um Gesetz vun 1982 gemaach ginn. Ech wëll ufänke mat der éischter Diskussioun, déi vun dem Prinzip vun de Privatschoule selwer.

Ech hunn do mat Intérêt déi ganz Debatten nogelies, déi 1982 gefouert gi sinn, wat déi argumentativ Positioune vun deenen engen a vun deenen aneren déi Zäit waren, an och wat der CSV hir Positioun déi Zäit war. An ech wëll kloer an däitlech soen, datt haut déi Positioun, déi mer 1982 ausgedréckt hunn, nach genau déiselwecht ass, eng Positioun déi berout um Prinzip vun der Fräiheet, déi d'Elteren hu fir d'Educatioun vun hire Kanner eraus ze wielen.

Zweetens eng Positioun, déi um Prinzip berout an an der Obligatioun vum Stat, déi doranner besteet datt déi Fräiheet, déi mer um Pabeier hunn, net nëmmen eng Fräiheet ass déi um Pabeier besteet, mä déi sech och an der Realitéit kann ëmsetzen.

Drëttens e Prinzip vun der Responsabilitéit vum Stat fir d'Qualitéit vum Enseignement, wou och ëmmer, ze garantéieren. „Les parents ont, par priorité, le droit de choisir le genre d'éducation à donner à leurs enfants." Dat ass en eminent wichtege Saz. Et ass nämlech en Extrait aus der Déclaration universelle des droits de l'homme, aus dem Mënscherechtsartikel 26.3. Och eng Citatioun aus der Déclaration des droits de l'enfant: Den Artikel 29 beschreift, wéi d'Educatioun an de Länner no de Kannerrechter ze sinn huet. Da gëtt extra um Punkt 2 vum Artikel 29 e wesentlechen Ajout hannendru gesat, dee seet: „Aucune disposition du présent article ou de l'article 28 ne sera interprétée d'une manière qui porte atteinte à la liberté des personnes physiques ou morales de créer et de diriger des établissements d'enseignement, à condition que les principes énoncés au paragraphe 1 du présent article soient respectés et que l'éducation dispensée dans ces établissements soit conforme aux normes minimales que l'Etat aura prescrites."

Fir eis ass et kloer, et ass ee Prinzip vun de Mënscherechter fir den Elteren zouzegestoen d'Educatioun vun hire Kanner erauszewielen. Am Fong en elementaart Mënscherecht. A mengen Aen eng elementar Fräiheet, an eng Fräiheet, déi eis ënnerscheet vun totalitäre Staten, wou d'Dréien duerch déiselwecht Mille vun alle Kanner duerch eng Politschoulung a sech dat ass, wat mer an totalitäre Staten an an integristesche Staten uprangeren, wou alles duerch déiselwecht Schoul geet, awer wou de Stat décidéiert wat geléiert gëtt.

D'Schoulfräiheet ass e wesentleche Bestanddeel vun de Fräiheete vun deem Eenzelnen. An dat ass fir eis ganz kloer: Eng pluralistesch Gesellschaft, wéi mer eng sinn, verlaangt e pluralistesche Schoulsystem.

***(Interruption)***

Loosse mer emol d'Iwwerleeung hei fäerdeg maachen, lauschtert bis zum Schluss. Dir hutt Zäit fir ze äntweren.

De Stat huet deeselwechten Optrag vis-à-vis vun all senge Bierger, muss also fir all seng Bierger déiselwecht Fongen investéieren. E Stéck Fräiheet - an et ass gutt wann een heiansdo iwwer d'Grenze kuckt, an ech hunn dat gemaach - wat an all de Länner, déi an der Europäescher Unioun sinn, deene 15, verbreet ass.

An deene meeschte Konstitutioune steet explizit oder sous-entendu d'Fräiheet fir Privatschoulen dran. Dat ass net de Fall a Schweden, an England an zu Lëtzebuerg. England huet jo keng Konstitutioun geschriwwen. Véier Länner vun der Europäescher Unioun gi méi wäit: Spuenien, Frankräich, Irland, Holland. Do steet d'obligatoresch Finanzéierung als konstitutionelle Prinzip festgeschriwwen. An deenen anere Länner ass déi Finanzéierung e gesetzleche Prinzip. Iwwerall hu mer Législatiounen, an allen europäesche Länner, woubäi mer dräi Zorte vu Législatioune mussen ënnerscheeden. Länner, déi déiselwecht Gesetzgebung hu fir de Public a fir de Privé: d'Belsch, Frankräich, Finnland an Irland, wou et sech ëm eng an déiselwecht Texter handelt, déi déi eng an déi aner musse respektéieren. Da Länner wou mer eng spezifesch Gesetzgebung hu fir de Public an eng spezifesch Gesetzgebung fir de Privé, wou awer Elementer vun deem engen an Elementer vun deem aneren aneneegräifen. Dat ass zum Beispill de Fall fir Däitschland, Lëtzebuerg, Schweden. A Länner, déi eng ganz separat Gesetzgebung hunn, wéi Griichenland, Éisträich a Portugal.

An da stellt ee sech d'Fro, wann ee kuckt, wat fir eng Problemer ginn dann an deene Gesetzgebungen ugeschwat, a wat soen an deene Länner, déi mat eis an der Europäescher Unioun sinn, d'Gesetzgebungen.

Mä fir d'éischt steet emol dran, wat fir eng Konditioune festgehale si fir d'Opmaachen a fir d'Finanzéiere vun de Privatschoulen. Well wat ass dem Stat seng Pflicht? Dem Stat seng Pflicht ass Qualitéit ofzesécheren, ass ze garantéieren, datt dat, wat an deene Schoule gebuede gëtt, och deem entsprécht wat d'Kanner brauche fir duerno hir Zilsetzungen am Liewen ze erreechen.

Zweetens, déi staatlech Kontroll gëtt geregelt, souwuel déi finanziell Kontroll engersäits wéi déi pedagogesch Kontroll anerersäits. A Länner wéi Griichenland, Frankräich, Irland, Italien, Holland, Portugal, Finnland, Schweden an England, do fanne mer eng global Responsabilitéit vun den Unterrechtsministèren erëm, déi meeschtens iwwert den Inspektorat, net ëmmer iwwert den Inspektorat, mä meeschtens iwwert den Inspektorat geregelt gëtt.

Drëtte Punkt, deen an den europäesche Législatiounen ugeschwat gëtt, ass dee vun de Programmer, den Examen, den Equivalenzen. An do fanne mer eng ganz Diversitéit vu Länner. Do sinn der, déi ganz déiselwecht Programmer virschreiwen, an et sinn der, déi just grosso modo déiselwecht Zilsetzung, déiselwecht minimal Norme virschreiwen, an dann awer en autonomen, e pedagogesche Choix iwwerloossen. Bei den Equivalenzen, do ass et esou datt déi europäesch Gesetzgebunge kloer geregelt hunn, wéi déi Equivalenze sinn, a bei deenen allermeeschte Länner ass einfach eng Equivalenz zwëschent dem privaten an dem öffentleche Schoulsystem festgeschriwwen.

Véiertens, wat de Statut vun den Enseignanten ugeet, gesi mer an Europa verschidde Modeller, meeschtens ginn déiselwecht Qualifikatioune gefrot, a ganz oft a ville Länner gëtt och déiselwecht Pai virgeschriwwen. Fir dat och emol eng Kéier kloer ze ënnersträichen. A ville Länner ass de Passage vun Enseignanten zwësche Privatsecteur an dem Secteur public en normalen, a méiglech och nach ouni Perte vun Anciennetéit an esou weider. Et ass a ganz ville Länner esou geregelt.

Wat d'Investitiounen an d'Gebaier ugeet, do fënnt ee Modeller tëschent guer kengen Investitiounshëllefen an 100% Investitiounshëllefen. Wat de Minerval an Droit d'inscription ugeet, do sinn d'Prinzipien och an deenen europäesche Gesetzgebunge kloer festgehalen. Wat d'Hëllef un d'Elteren ugeet, do gi verschidde Gesetzgebunge méi wäit wéi mir, well se se och virschreiwen, an deene Gesetzgebunge selwer, an dat Ganzt ass meeschtens drop higebaut, eng Gerechtegkeet ze schafen an ze soen, datt jiddferee muss a jiddferee soll kënnen och vum Privatschoulunterricht benefitséieren, an datt et net kann esou sinn, datt just déi eng sech kënnen eng Privatschoul erlaben, an déi aner net, an déi Zilsetzung ass a villen europäesche Législatioune ginn.

Et sinn also genau déiselwecht Froen déi an europäesche Législatioune sech erëmfannen, wéi déi déi mir 1982 am Gesetz geregelt hunn. Déi Äntwerten, déi mer gesinn, déi mer ginn hu sengerzäit, an déi Äntwerten déi mer haut ginn, déi leien an der europäescher Moyenne, tëschent Griichenland, wou ganz wéineg Privatschoule sinn, an Holland, wou déi Gläichheet vum Finanzement e konstitutionellt Recht ass.

D'Zilsetzung ass also Qualitéit ze garantéieren. D'Zilsetzung ass fräi Wahl zu enger reeller fräier Wahl ginn ze loossen, an net eng Wahl just vun de Suen doraus ze maachen.

Et ass u sech wéi mat der Pressefräiheet, et kann een de Prinzip vun der Fräiheet déclaréieren, mä dat bedréit och, datt een d'Konditiounen am Land schaaft, datt déi Fräiheet sech kann entwéckelen, datt déi Fräiheet ka bestoen, an datt een de Pluralismus duerch de Finanzement garantéiert. Dat gëtt an dësem Secteur, dat gëtt och an anere Secteuren esou geregelt.

An d'Gesetz vun 1982 huet deene Kritären entsprach, huet e groussen Deel vu sengen Zilsetzungen erreecht. Et schreift sech also am europäesche Kontext an, wou dës Fro an deenen Diskussiounen, déi an anere Länner gefouert gi sinn, u sech vill manner ideologiséiert gëtt wéi dat hei zu Lëtzebuerg war, a wa se ugeschwat gëtt, wéi zum Beispill 1984, 1985 a Frankräich, wou déi sengerzäit sozialistesch Regierung wollt géint d'Privatschoulen agéieren, do hutt Dir gesinn, wéi vill honnertdausend Leit dee Moment op d'Strooss gaange sinn, fir déi elementar Fräiheet ze verteidegen.

Interessant war et déi Debatte vun 1982 nozeliesen. Déi hu jo dräi Deeg gedauert. Dat ass exceptionnell mat eisen Zäitlimiten, mä déi Zäit hu se dräi Deeg iwwert den Text vun 1982 geschwat. Et ass och vill gesot ginn. An et ass also an deem Sënn emol interessant ze kucken, wat ass déi Zäit gesot ginn, a wat ass aus deenen engen an deenen aneren hiren Aussoen entstanen. Et huet mir schrecklech Plëséier gemaach. Dofir muss ech och e puer Zitatioune maachen, n'en déplaise aux uns et aux autres.

Déi éischt Zitatioun ass déi vum Här Kréier. LSAP, steet hei hannendrun. An dee seet lëschtegerweis: „Dir Dammen an Dir Häre vun dëser rücksichtsloser Majoritéit, mat deem Projet hei versënnegt Der lech op enger fierchterlecher Manéier un 92% vun der Lëtzebuerger Jugend. Mat Äre reaktionären a protektionistesche Moossnamen zu Gonschte vun enger Entreprise, déi souwisou, pedagogesch gesinn, hoffnungslos hannendra läit. Mat deene kuerzfristege Moossname blutt Der déi öffentlech Schoul aus an Dir féiert eist Land ganz sécher a belsch Zoustänn eran." An e wéineg wieder: „Dir selwer setzt de Schoulfridden op d'Spill, Dir kommt engem vir wéi e Grupp vu Vandalen, déi hiert Mandat mat engem Fräiheetsbréif verwiesselen, fir déi öffentlech Schoul muttwëllegerweis a mat brutaler Force futti ze schloen."

Dat war an dem Här Krier senger äit.

***(Interruptions)***

Lëschteg ass et, wann een 20 Joer duerno gesäit wat d'Realitéit bruecht huet.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Do gesäit ee wéi gutt d'Lëtzebuerger Schoulpolitik ass.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Doraus schléissen ech wéi staark d'Visioune sech an d'Realitéit ëmgesat hunn, well ech ka mer net virstellen…

***(Interruptions)***

Loosst mer emol déi aner Situatioun fäerdeg maachen, da kommen ech nach eng Kéier dorobber zréck. Well déi ass nämlech och lëschteg.

***(Interruptions)***

Jo, ech hunn nach esou eng, nach eng besser. Den Här Berg seet, d'Gebaier déi mer hunn an déi mer am öffentechen Unterrecht nach amgaang sinn ze bauen oder fir déi mer d'Plange scho fäerdeg hunn, géife muer zu enger gudder Partie eidel stoen, wann d'Ufuerderung aus dem privaten Unterrecht net esou weider unhält, wéi mer dat säit Jore kennen. Dat ass u sech eng Ausso, déi och lëschteg ass, wann ee kuckt wéi d'Schoulgebaier haut eidel stinn, déi vum Public, vu datt mer d'Gesetz vun '82 gemaach hunn.

Mä ech wëll awer och do kengem eppes virwerfen, well et konnt ee jo déi Evolutioun déi mer haten, dee Boom an de Schoulen, vläicht net esou virgesinn. Ech wëll awer domadder just soen, datt déi Leit, déi eis säit dräi, véier Jore reprochéieren, vill méi grouss Previsiounen hätte missen am Schoulsecteur walten ze loossen, fir dat alles virauszegesinn, datt déi nämlecht Leit, oder déi nämlecht Partei 1982 zumindest och net virausgesinn hat, wéi déi Situatioun et hei beweist.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Ma, Här Wiseler, deemools sinn d'Zuele vun de Schoulkanner erofgaangen. Déi si bis uganks den 90er Joren erofgaangen. Dat ass kee Witz dat do. An Dir hat nach ëmmer, och säit den 90er Joren, d'Responsabilitéit!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mä ech hu just nach déi Reprochen am Ouer, déi dës Majoritéit gemaach kritt, respektiv d'CSV gemaach kritt, well se net visionär genuch war.

Hei hunn ech elo eng Situatioun, déi a sech genau datselwecht seet an déi visionär Kraaft vun de Sozialiste kloer ënnersträicht. Dir hutt also vill méi wäit gesinn.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Wann dat stëmmt, da wësst Der jo wou Der dru sidd, Här Wiseler. Dir sidd jo Chef vun der Primärschoul an der Stad Lëtzeburg!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech weess wat mer an der Stad Lëtzebuerg an deene leschten dräi Joer gemaach hunn.

M. le Président.- Haalt Är Ried, an déi aner sollen nolauschteren! Déi sinn alleguerten agedroen, déi nach hei eppes ze soen hunn. Dir sollt net de Riedner dauernd ënnerbriechen!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Wat ass a Wierklechkeet geschitt, wëll ech da froen? Vun deene Privatschoulen, deenen aacht, déi d'Madame Durdu virdrun opgezielt huet, a wou u sech gesot ginn ass, wann dat Gesetz vun '82 kënnt, da kréie mer eng Explosioun vun de Privatschoulen. Wat ass a Wierklechkeet geschitt? Mä dräi vun deene Privatschoule vun deemools, Dikrech, Diddeleng an Ëlwen, hu missen zoumaachen, well se awer net iwwert d'Ronne komm sinn, an den Institut Emile Metz, trotz dësem Gesetz, ass zu enger Fondatioun ginn, wou zousätzlech staatlech Finanzen erafléissen, zousätzlech zu deem wat aner Privatschoule kréien iwwert d'Gesetz vun 1982, well soss wär et net duergaangen. Och dat wollt ech eng Kéier einfach soen, well dat ass och d'Realitéit.

Do gesi mer wat mat deem geschitt ass, wat deen een oder anere gesot huet. Ech wëll awer och nach eng Kéier Zuelen hei huelen. 82-83 hate mer 1.943 Schüler, ronn 8% vun de gesamte Kanner an de Privatschoulen, op engem Total vun 22.500 Schüler, 92% déi also am Public waren.

Am Appel fir d'öffentlech Schoul, wat eng Rei vu Leit och ënnerschriwwen hunn, déi och hei am Sall sëtzen, quasiment déi sämtlech - ech hunn zwar elo net nogekuckt -LSAP-Fraktioun. Do steet dran: „In Luxemburg sind es jetzt

bereits 12%“, an et sinn der 11,3 wat d’Zuele vum Ministère ugeet, mä wéi wann déi Evolutioun a méi wéi 20 Joer vun 8% op 11,3% awer eng riseg Katastroph gi wär, an dofir déi grouss Evolutioun géing gesinn, déi op Basis vum Gesetz vun ’82 déi Privatschoule kannt hunn.

An do muss ee wëssen, ech wëll och nach eng Kéier d’Zuelen hei soen, haut huet d’Agedoc 2.066 Schüler, d’Marie-Consolatrice zu Esch 545, d’Notre-Dame 518, den Emile Metz 504, an da komme jo déi nei Schoulen déi gegrënnt gi sinn nach derbäi, Waldorf 70, op der International School 244 an 286 am Lycée Vauban, op en Total net vun 22.505, mä vun 32.059 Schüler vun haut.

D’Gesetz vun 1982 huet also sécherlech keng Explosioun vun de Privatschoule bruecht, mä den Drock op d’Privatschoulen zur Extensioun, zum Wuessen, wat haaptsächlech an den 90er Joren entstan ass, war grad esou grouss wéi den Drock op d’öffentlech Schoulen. An d’Privatschoulen haut, déi hunn hiren Deel dozou bäigedroe fir op dësen Drock ze äntwerten, fir dësen Drock opzefänken. An et ass gutt datt si et gemaach hunn, et ass och gutt datt si mat an där Extensioun, mat an där Evolutioun gewuess sinn. Well wann dat net geschitt wär, dann hätt de Public och nach deen Drock missten opfänken, an et kann ee jo net maache wéi wann et esou wär, datt déi Responsabilitéiten, déi d’Privatschoulen hei iwwerholl hunn, näischt wären.

Déi Kanner, wa se net am Privé wären, hätte missen am Public ënnerbruecht ginn, hätten do och eng ganz Rei Finanze kascht, an déi Suen, déi een de Privatschoule gëtt, sinn an deem Sënn sécherlech net dem Public verluer, well wann déi Kanner net am Privé wären, wäre se am Public a géinge proportionell mindestens datselwecht kaschten, wann net méi, wéi dat am Privé ass.

Déi Textännerung vum Gesetz vun 1982, fir dann elo op déi ze kommen, a wann den Text vun 1982 esou gutt war, kann een d’Fro stellen: Firwat musst Der dann haut änneren a firwat musst Der haut dat Gesetz vun 2003 maachen? Mä ganz einfach well eist Land geännert huet a well eis Besoinen och geännert hunn. D’Situatioun an d’Ufuerderunge sinn anescht ginn, de Schoulsystem public, privé, deen een an deen aneren, hu geännert, an dofir mussen an dësem Text och Ännerunge kommen, net um Prinzip, mä un de Modalitéiten.

Haut ginn tëschent 40 an 80% vum Coût de l’élève ausbezuelt u Privatschoulen. Dat mécht am Duerchschnëtt tëschent 65 a 70% vum Käschtepunkt wat en Elève am Public kascht, wat eng Privatschoul als Subsid vum Stat kritt. Net 80%, mä an der Realitéit tëschent 65 an 70%. Elo gëtt dat eropgehuewen, fir dat brevetéiert Personal, dat an deene Schoulen ass, vun 80 op 90%. Et muss ee kucke wat d’Realitéit ergëtt, mä dat wäert dann am Prinzip en Duerchschnëtt vu 70 bis 80% ginn, deen an Zukunft wäerten déi Privatschoule fir de Coût de l’élève kréien. Dat heescht, wann een et vergläicht mat der Ecole publique, 70 bis 80% vun deem wat e Schüler am Public kascht. Domat ass sécherlech e Schrëtt gemaach, zumindest wat dat Finanziellt ugeet, woubäi een awer nach wäit vun der Konkurrenzfäegkeet an der finanzieller Konkurrenzfäegkeet ewech ass, well do sinn nach ëmmer 20 bis 30% manner déi de Privé kritt wéi de Public. Mä et ass sécherlech e Schrëtt dee finanziell gemaach ginn ass, fir datt d’Privatschoule besser kënne mathalen.

Wat d’Participation aux frais d’investissements ugeet, ass et an eisen Ae ganz kloer, datt d’Usprécher och an deene leschte Jore méi grouss gi sinn, datt déi imposéiert Norme fir de Public an de Privé och an deene leschte Joer méi grouss gi sinn. Well de Privé muss sech jo selbstverständlech un déiselwecht Normen hale wéi de Public, an datt d’Besoinen an deene leschte Jore méi grouss gi sinn. A wann ee wëllt datt d’Privatschoule solle kënne liewen, dann ass et evident datt een de Privatträger och muss d’Finanze ginn, déi se net vu sech selwer hunn, fir hir Schoulgebaier der Realitéit vun haut unzepassen, well ouni dat geet et einfach net. Et ass an dësem Secteur d’selwecht wéi an anere Secteuren.

Ech erënneren drun, well hei och Spezialiste vun anere Secteure sëtzen, un de Secteur vun de Kliniken, dee vun de Fleegeheimer, dee vun den Altersheimer, mä och un dee vun de Kannerheimer, un den Haiser fir handicapéiert Leit an esou weider. Wie mécht dann do d’Aarbecht? Zu engem ganz groussen Deel mécht de Privatsecteur d’Aarbecht, zu engem ganz groussen Deel gëtt hei och de Privatsecteur finanzéiert mat Mëttelen, déi aus dem Statssäckel kommen, an do hu mer eng ganz Rei Législatioune geschaaft, Législatiounen déi och zu engem groussen Deel vun dëser Chamber vun alle Parteien ënnerstëtzt gi sinn. D’Krankekeese kommen dofir op, d’Fleegeversécherung kënnt dofir op, de Spidolsplang finanzéiert dee Secteur. Mir hunn en ASFT-Text gestëmmt, deen de konventionéierte Secteur regelt, wou esouwuel de Fonctionnement wéi d’Investissementer an déi staatlech Ënnerstëtzung am Fonctionnement, wéi an den Investissementer dra geregelt sinn. A wéi déi Texter gestëmmt gi sinn, do si keng Remarke gemaach ginn, a just déi puer, déi natierlech alles wëlle verstaatlechen, mä där ginn et der Gott sei Dank net vill hei an dëser Chamber.

Am ASFT-Text ass eng Feelbedarfsfinanzéierung agefouert ginn, bei deemselwechte Loun wéi am Public, well do ass eng Equivalenz tëschent de Léin am Gesetz festgesat ginn an et ass gesot ginn, déi Feelbedarfsfinanzéierung deckt bis zu 100% vum Feelbedarf vun deem wat feelt, fir de Secteur fonctionnéieren ze loossen. A bei den Investitiounen an déi Investitiounsméiglechkeeten, déi hei an den Text ageschriwwe ginn, soen, datt bis zu 80% ka bezuelt ginn. Dat kënnt aus dem ASFT-Text aus engem anere Secteur einfach eriwwer. An deem Text steet awer, datt de Stat net nëmme bis zu 80 mä esouguer a verschiddene Secteure bis zu 100% ka matfinanzéieren.

Wann een d’Privatschoule wëllt liewe loossen, da muss een hinnen och d’Méiglechkeet gi weider ze finanzéieren. Si musse mat dësem Text nach 20% aus Eegekapital opbréngen, an och dat ass net evident wann ee wëllt modern, wann ee wëllt uerdentlech a wann ee wëllt korrekt Schoulgebaier hunn, déi och déi Schüler zegutt hunn.

An datselwecht gëllt fir den Amortissement vun de Gebaier an deene leschten zéng Joer, wat jo och vill contestéiert gi war. Well déi Gebaier, déi an deene leschten zéng Joer gebaut gi sinn, déi awer praktesch Neibaute sinn. Hei muss ee sech d’Fro stellen: Wat wëllt een? Hei sinn Investissementer gemaach ginn, héich Investissementer gemaach ginn, Investissementer déi Endettementer fir déi Associatioun iwwer Joren, iwwert déi nächst zéng, 20 Joer bedeiten, well déi hu sech verschëlt fir déi Investissementer kënnen ze maachen. An dës Garantie gëtt hinnen d’Méiglechkeet fir eventuell an Zukunft och Gebaier ze erneieren, ze moderniséieren, ze adaptéieren a fir esou hir Schoulinfrastrukturen op engem Standard ze behalen, wéi d’Schoulinfrastrukture musse sinn. A si musse jo nach ëmmer 20% aus privater Hand bäileeën, och bei den Amortissementer.

D’Gesetz vun 1982 gesäit vir, datt déi Privatschoule finanzéiert ginn, déi sech un de Programm halen. Déi Zäit ass dat vu kenger Partei a Fro gestallt ginn. Déi Zäit ass souguer éischter gesot ginn, datt a sech déi Marge de manoeuvre vun dräi Stonne Fräiheet, déi se hätten, awer eppes wär, wou se net esou frou domadder sinn, an et léiwer gehat hätten et wär genee datselwecht an de Schoulen…

***(Interruption)***

Déi Gréng waren déi Zäit hei nach net esou present, fir an där Diskussioun do deelzehuelen.

Une voix.- Da brauche mer haut kee Slalom ze fueren.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Voilà, da braucht Dir haut kee Slalom ze fueren, dat ass richteg.

D’Situatioun huet awer an Zwëschenzäit geännert, och d’Situatioun zu Lëtzebuerg huet geännert. Mir sinn eng Europahaaptstad, mir hunn eng international…

***(Interruption)***

Richteg, mir waren déi Zäit och schonn eng Europahaaptstad. Mä et ass awer kloer, wann ee kuckt, Här Fayot, wéi an deene leschten 20 Joer d’ekonomesch Evolutioun vun eisem Land sech gemaach huet, d’Presenz vun Net-Lëtzebuerger, vun Auslänner an eisem Land, datt hei e Besoin ass, deen och a sech keen a Fro stellt. A wa mer deem och wëllen ekonomesch begéinen, wa mer wëllen e Plus économique schafen, dann ass et kloer datt mer fir déi Kanner och musse Schoule kreéieren, Schoulen ubidden, déi deem wat se brauchen, wa se nëmmen dräi, véier Joer hei am Land sinn, och entspriechen.

An, an dat ass kloer, mir hunn och aner pedagogesch Besoinen hei am Land, an et ass richteg, mengen ech, an dësem Text, datt déi och haut a Betracht gezu ginn, an d’ailleurs huet de Stat dat an deene leschte Joren souwisou gemaach, an et huet och jiddfereen dat normal fonnt, an ech sinn och deen éischten, deen dat normal fënnt.

Mä et war net am Kader vum Text vun 1982 vun der Finanzéierung vun de Privatschoule wou hätt kënne gemaach ginn, an de Conseil d’Etat dee seet do: „…dont l’un des objectifs du présent projet de loi consiste à régulariser des situations de fait fort disparates qui ont été créées au fur du temps et dont certaines risquent de s’avérer d’une légalité douteuse.“ Et ass also eminent wichteg, datt dat gemaach gëtt, an de Besoin ass och kloer do.

An déi Wichtegkeet krute mer nach eng Kéier ënnerstrach duerch eng Rei Bréiwer, déi eis vun den auslännesche Commerce-Kummere geschéckt gi sinn an der Alfi, dat heescht där Organisatioun, déi sech ëm Fonds d’investissement bekëmmert. A mat dësem Text gëtt do d’Zefriddenheet kloer an däitlech ausgedréckt an ënnerstrach. An deem Zesummenhang ass et a sech lëschteg fir festzestellen, datt an der Pressekonferenz - ech mengen et war leschten Donneschden -, déi d’LSAP gehalen huet, datt do gefrot…

Une voix.- Mir hu vill Lëschteges entdeckt!

Une autre voix.- Et ass ëmmer lëschteg.

***(Hilarité et interruptions diverses)***

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här Krecké, ech kann och een aneren Ausdrock wéi lëschteg gebrauchen, mä ech hunn dat elo dee feinste fonnt, dofir hunn ech deen emol gebraucht.

***(Hilarité)***

Do gëtt gefrot, datt déi konfessionell Schoule sollen integréiert ginn - wann ech dat richteg verstanen hunn - an d’öffentlech Schoul, an et gëtt Versteesdemech fir den alternative Modell vun der Waldorfschoul ausgedréckt, wat dann deen eenzege soll sinn, deen iwwert de private System weider an Zukunft finanzéiert gëtt.

Ech fannen dat komesch, well ech hunn a sech festgestallt, datt an deene Jore virdrun am Fong de contraire gesot ginn ass, datt do drop gehale ginn ass, datt genau datselwecht gemaach géing gi wéi an der Ecole publique. An ech liesen lech an deem Appel fir d’öffentlech Schoul, deen ech schonn zitéiert hunn, vir, an da kënnt Dir mir jo Är Interpretatioun doraus ginn. An do steet: „Auch Privatschulen, die nicht an das öffentliche Lernprogramm halten, sollen mit öffentlichen Geldern unterstützt werden. Dabei entfällt nicht nur eine Qualitätskontrolle des Unterrichts, sondern jeder Einblick in die vermittelten Inhalte, die Gewährleistung ideologiefreier pädagogischer Ansätze ist so nicht mehr sichergestellt.“ Et ass also hei kloer - Dir hutt dat mat ënnerschriwwen - eng Onzefriddenheet doriwwer zum Ausdrock bruecht ginn, datt dee System elo esou funktionéiert.

Dofir froen ech mech, ma wéi ass et dann elo, et ass eng Kéier esou, et ass eng Kéier anescht, ech gesinn do net kloer, wat déi definitiv Positioun ass, an Dir kënnt mir se jo dono erklären.

Wéi ass et dann och - an déi Fro stellen ech mer och - wann zum Beispill d’konfessionell Schoulen elo géinge soen, mä mir wëllen en anert Ugebot maachen, mir wëllen en alternatiivt Ugebot maachen, mir wëllen eis och net un d’Programmer halen, a mir wëllen eppes anescht lech ubidden. Ass dann déi Meenung, déi Dir do ausgedréckt hutt, och nach ëmmer déi richteg, a stidd Dir do hannendrun?

An hei an deem Text gëtt gesot: „…dabei entfällt nicht nur eine Qualitätkontrolle“, wa mer dat géinge maachen, „des Unterrichts, sondern auch jeder Einblick in die vermittelten Inhalte.“ Vun alle Leit, déi hei op menger lénker Säit sëtzen, ënnerschriwwen.

Ech liesen awer just gären de Gesetzestext, dee mer haut stëmmen, vir, wann „jede Einsicht“ a „jede Qualitätskontrolle“ entfält. Den Artikel 2 vun deem Projet - ob se finanziell ënnerstëtzt géinge ginn oder net, ass souguer hei egal -, dee seet: „Les organismes d’enseignement privé sont soumis au contrôle et à l’inspection pédagogique du Ministre ayant l’éducation nationale dans ses attributions.“

Den Artikel 3, dee seet: „Nul ne peut créer, ouvrir ou faire fonctionner un établissement d’enseignement préscolaire, primaire ou postprimaire privé, s’il n’est muni d’une autorisation délivré par arrêté grand-ducal, pris sur proposition des ministres, qui examinent…“, elo kommen eng Rei Punkten, Punkt d) ass: „…les buts, les programmes et les méthodes d’enseignement.“

Den zweete Punkt vum Artikel 3 seet: „l’autorisation est refusée si les conditions prévues par la loi ne sont pas remplies, ou si dans un ou plusieurs domaines visés, l’organisation projetée de l’enseignement est de nature à porter gravement préjudice, aux intérêts matériels ou moraux des enfants.“

An dann dat Gesetz vum 30. Juni 2002 iwwert den Inspektorat, wat mer gestëmmt hunn, an dee Règlement grand-ducal, deen déi Zäit an der Chamber annexéiert war, gesäit d’ailleurs kloer an däitlech am Artikel 1, Punkt 2 vir, datt den drëtten Arrondissement, dee Lëtzebuerg 3 heescht, och Privatschoulen - d’Ecole privée Notre-Dame Ste Sophie, steet explicite do drënner - ënnert de Ressort 3 vun dem Inspektorat fält.

Da kann ee jo awer net soen, datt all Qualitéitskontroll hei net méi méiglech ass, an iwwerhaapt näischt géing kontrolléiert ginn. Et ass kloer an de Gesetzestexter virgesinn an ech wollt dat kloer an däitlech hei soen.

***(Interruptions)***

Voilà. Ech erënneren d’ailleurs och drun, datt - ech weess net méi wien et war, mä ech mengen et war den Här Scheuer an den Här Zanussi sengerzäit, wéi mer de Bac international gestëmmt hunn - se eng ganz grouss Skepsis iwwert de Bac international ausgedréckt hunn, datt se déi Zäit gesot hunn, d’Primautéit vun der Lëtzebuerger Première, mir kreéieren eng zweet Klassegesellschaft an esou weider. Mä ech soen och elo, de Bac international ass zwar net d’Waldorfschoul, mä et ass awer och en alternative Modell. Wann een alternativ Modeller ënnerstëtzt, da kann een awer net nëmmen déi eng, da muss een awer och déi aner ënnerstëtzen.

***(Interruptions diverses)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Eng Ecole internationale ass net fir Schüler déi hei duerch en normale System gaange sinn.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Et ass en anere Modell, deen hei ugebuede gëtt, Här Krecké, et ass en anere Modell, deen hei ugebueden ass.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Ech froe mech, firwat dass dee Modell do hierhale soll. Dee soll deene Leit, déi expatriéiert sinn, erlaben, datt hir Kanner, well se oft musse wiesselen, och an anstännege Konditiounen nach en Enseignement kréien. Et ass fir déi Kanner geduecht a fir keen aneren.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech soen lech, et ass een aneren alternative Modell, a wann ee se fir dat eent, da muss ee se och fir déi aner…

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Si musse 600.000 Frang Schoulgeld bezuelen, Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Jo, dat ass richteg, do komme mer jo awer och nach eng Kéier duerno drop zréck. Firwat maache mer dësen Text, Här Scheuer? An dat soen ech lech dann duerno, firwat an anere Schoulen d’Minervalë méi bëlleg sinn. Genau dat ass jo de Sujet iwwert dee mer haut schwätzen.

***(Interruption)***

Genau dat. Jo, et ass en Deel. Ok.

Wann elo gesot gëtt, et wär ongerecht, wann déi eng nëmme 40%, an déi aner tëschent 40 an 90% kréien, da soen ech zwou Saachen. Éischtens, et stellt een aner Konditiounen un déi eng wéi un déi aner, an da fannen ech et och logesch, wann déi eng sech beméien an all Efforte maachen, fir aner Konditiounen, de gesamte Schoulprogramm, de ganze System och esou an d’Realitéit ëmzesetzen, datt een hei d’Konditioune vum Finanzement deem adaptéiert.

An da muss een och kucken, datt dat Ganzt geschichtlech anescht gelaf ass. Déi, déi sech un alternativ Modeller halen, déi kréien um Fonctionnement 40%, mä si kréien awer och scho säit laange Joren d’Gebaier zur Verfügung gestallt. An Ärem Exposé des motifs, do hutt Dir eng Ausrechnung wat den Amortissement vum Gebai, respektiv wat d’Loyere vun de Gebaier als indirekte Subsid un déi eng an un déi aner sinn.

Do gesitt Dir, datt a sech déi klassesch Ecole privée ronn 9.500 Euro par Schüler kritt an datt a sech déi alternativ Modeller, mat deem Finanzéierungsmodell 40 a 40/90, op där enger Säit 4.650 par élève kritt. Dat wär also manner. Mä do muss een awer, wann een dat korrekt rechent, dobäi rechnen, datt wann een den Amortissement vu Gebaier, déi elo do stinn, net vun neie Gebaier, vun der International

School nach géing dobäi rechnen, da wären dat nach eng Kéier plus 5.912 Euro, bei der Vauban 2.105 a bei der Waldorf 1.804, da muss een de Calcul vun den direkten a vun den indirekte Subsiden awer och ganz duerchféieren, an déi Zuelen och ganz matenee vergläichen.

Dann ass d'Fro, d'Primärschoulen? Do soen ech ganz kloer, wa mer vun engem Recht vu Schoulfräiheet schwätzen, da gëtt et kee Grond fir nëmmen de Secondaire domat ze nennen, da gëtt et kee Grond fir de Primaire do eraus auszeschléissen. An dofir ass an dësem Text och deeselwechte System virgesinn, 40 bis 90% fir déi déi sech un d'Programmer halen a 40% vum Fonctionnement fir déi déi en alternative Modell virschloen, plus d'Subventioune fir de Bau.

Mä wat ech awer wëll kloer an däitlech dobäi soen, dat ass datt déi 40 an 90%, respektiv déi 40%, sech awer nëmmen op deen Deel vum Stat bezéien, dat heescht op déi 66%, déi vum Stat bezuelt ginn. Et sinn also tëschent 40 an 90% vu 66%, wat duerno heescht datt déi maximal Subventioun, déi un de privat Primärschoule maximal 40 bis 50% vum Coût global wäert sinn. An dat wollt ech och eng Kéier kloer an däitlech soen, oder kloer stellen.

D'LSAP seet, datt et anormal wär - dat war den Här Di Bartolomeo -, datt d'Privatträger méi géinge bevirdeelegt gi wéi d'Gemengen, wat de Bau ugeet, net wat de Fonctionnement ugeet, well beim Fonctionnement hu mer jo kloer gesot, datt d'Gemenge méi vum Stat kréien, mä da muss ee sech awer virstellen, datt elo hei einfach e Verglach gemaach gëtt zwëschent engem Privatträger an enger Gemeng, wat en Deel vun der öffentlecher Hand ass. Ech kann e Verglach zwëschent engem Privatträger an der öffentlecher Hand, an dësem Fall eng Gemeng, net esou en tant que tel verstoen, well dee Verglach Äppel mat Bire vergläicht. D'Gemeng ass en Deel vun der öffentlecher Hand. Si kritt Recetten iwwer Steieren. Si kritt Sue vum Steierzueler a vum Stat, an dofir soen ech déi Comparaisoun do, déi geet einfach net, well déi zwou Saachen onvergläichbar sinn. A wann ee gesäit wat d'Gemengeschoule kréien, da kréie se aus der öffentlecher Hand iwwert deen een an iwwert deen aneren 100%.

***(Interruptions)***

A wann een elo diskutéiert, ob da vum Stat d'Gemenge genuch, net genuch a schnell genuch hir Sue kréien, dat ass eng Diskussioun déi ech mat lech gäre féieren, mä déi huet awer näischt mat de Privatschoulen ze dinn. Dat ass eng ganz aner Diskussioun, an déi muss gefouert ginn.

***(Interruption)***

Iwwert déi aner Saache sidd Der just bereet ze diskutéieren. De deux choses l'une. Entweder mir maachen op där enger Säit an op där anerer Säit vergläichbar Spillregelen oder mir halen op. De deux choses l'une.

Mir hunn eng Diskussioun iwwert d'Privatschoulen, an hei gi Vergläicher opgestallt déi net stëmmen, well een e Privatträger mat enger öffentlecher Hand net ka vergläichen. De Finanzement vun de Gemengen iwwert de Stat an d'Subsidien, déi eng Gemeng vum Stat kritt, dat ass eng aner Diskussioun an déi muss gefouert ginn an där Diskussioun, déi an der Virbereedung ass zwëschent de Kompetenze Stat a Gemengen. Do féieren ech se ganz gäre mat lech, mä déi zwou Diskussiounen hunn a mengen Aen iwwerhaapt näischt mateneen ze dinn.

***(Interruptions)***

Ech hu gesot, datt an dësem Fall dee Verglach einfach net machbar wär an datt een net soll dat eent mat deem anere vergläichen. Wéi d'Systemer an anere Secteure sinn, do kann een d'Prinzipie matenee vergläichen. Do kënnen aner Systemer sinn, där déi sech gläichen, net gläichen. Dat huet a sech an där Verglachsmethod hei am Fong näischt mateneen ze dinn. Ech gesinn net, firwat datt Der dat eent an dat anert matenee sicht.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Ech wëll lech just soen - ech war do derbäi -, déi privat Spideeler hunn 80% kritt, well d'öffentlech Spideeler 80% kréien. Do war d'Argument just ëmgedréint.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- De groussen Ënnerscheed tëschent deem engen an deem anere Secteur ass, datt all Gemeng Primärschoulen huet an all Gemeng muss Primärschoule maachen. Eng obligatoresch Pflicht vun de Gemengen ass, eng Primärschoul zur Verfügung ze stellen, an dat ass awer menge Kenntnisser no nach net de Fall an dem Spidolssecteur, esou datt do déi Dossiere ganz anescht mussen ugaange ginn.

Dëst sinn déi wesentlechst grouss Neierunge vun dësem Text. Si entspriechen dem Regierungsprogramm a si entspriechen deem, wat haut an dëser Matière de Besoin ass. Et stinn awer och nach eng Rei Froen am Raum, eng Rei Aussoen, déi an deene leschte Méint gemaach gi sinn. Ech wollt dozou Stellung huelen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Dir Hären, stéiert de Riedner dach net esou. Här Asselborn, Dir sidd jo agedroen a kritt d'Wuert direkt nom Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Fir d'éischt déi Ausso déi gemaach ginn ass vun der Zweeklassegesellschaft. Mir hate se virdrun ugeschwat an dofir wëll ech hei dat Zitat nach eng Kéier bréngen aus dem Appel, deen ech schonn e puermol zitéiert hunn: „Das Gesetz steuert damit auf eine Zweiklassengesellschaft zu, in der sich nur finanziell gut situierte Eltern leisten können ihre Kinder von klein auf in besser ausgestattete Privatschulen zu schicken."

An dann en zweet Zitat vum President vun de Jong Sozialisten: "Schüler, deren Eltern es sich leisten können, werden also in privaten Schulen unterrichtet, der Rest muss sehen wo er bleibt."

An e véiert Zitat vum Här Zanussi: "Nicht alle Eltern können sich Privatschulen leisten. (…) Dieses Gesetz wird zu einer zusätzlichen Segregation führen."

Wat ass awer d'Realitéit? D'Realitéit ass e Minerval vun 350 Euro d'Joer. Ech froe mech wéi wäit e Minerval vun 350 Euro d'Joer an der Moyenne zu deene grousse Segregatiounen do kéint féieren. Et gesäit ee jo och, wann een d'Compositioun vun de private Schoule kuckt, wou mer eng Opschlësselung vun der Schülercompositioun hunn - déi all d'Parteie kritt hunn -, wou 39% vun de Schüler - ech hunn elo de Fieldgen geholl - aus Familljе kommen, wou de Papp Aarbechter ass, 14% Employés privés inférieurs, 5% Employés privés supérieurs, 10% Fonctionnaires, woubäi een net weess wat fir eng Carrièren dat sinn, a 5% liberal Beruffer.

Doraus kann ech just schléissen, datt déi Segregatioun net stattfonnt huet. Datt dat, wat gesot gëtt, hei esou an d'Welt gesat ginn ass. Et geet queesch duerch de Gaart an et ass eng Compositioun, déi absolut normal ass. Och d'Privatschoule ginn hirer sozialer Missioun gerecht.

Elo stellt sech awer d'Fro, an dat ass déi wesentlechst, déi den Här Scheuer virdru gestallt huet: Firwat kënnen dës Schoulen esou e Minerval froe vun 350 Euro? Mä just wéinst dësem Gesetz, well se eng staatlech Finanzéierung kréien, well se iwwert d'staatlech Finanzéierung kënne liewen an de Besoin net méi do ass fir e gréissere Minerval ze froen. Well wann déi Finanzéierung vum Stat net géif kommen, jo da misste se den Total vun der Finanzéierung huelen iwwert d'Contributioun vun den Elteren. Dofir soen ech, dat Gesetz, wat 1982 gestëmmt ginn ass, bréngt just sozial Gerechtegkeet. Do wou mer keng staatlech Finanzéierung hunn, wéi bei der International School, déi e Minerval froe vun 12.000 bis 15.000 Euro, well déi musse jo aus hire Contributiounen, déi se vun den Eltere kréien, hire ganze Finanzement ofsécheren. Dee Finanzement ass enorm. Wa se elo eng Finanzéierung vum Stat iwwert deen neien Text kréien, dann ass et evident datt och wäert de Minerval erofgoen. Dofir soen ech just, dëst Gesetz bréngt eng sozial Gerechtegkeet mat. An ech mengen, am Fong misst Der et applaudéieren, aus deem Grond schonn eleng.

***(Interruption)***

Dir explizéiert dat herno, Här Krecké.

Déi zweet Ausso, dat ass déi vun den Elite-Schoulen. Do huet den Här Zanussi geschriwwen: „Grob gesagt: Einwandererkinder werden in der öffentlichen Schule untergebracht, während die andern auf Privatschulen zurückgreifen können."

Ech muss soen, déi klassesch Privatschoulen déi existéieren, déi hunn all Ordre d'enseignement, vum Préparatoire bis de Secondaire. Et sinn all sozial Schichte vertrueden. A wann ech dann d'Nationalitéite kucken, da stellen ech fest datt souguer a verschiddene Privatschoule proportionell am Secondaire méi Auslännerkanner si wéi am Public, well do grouss sozial a pedagogesch Efforte gemaach ginn, well do pedagogesch innovativ Projete gemaach gi fir se ze integréieren. De Projet ALLET zum Beispill. A well déi eng gepräegte Sozialorientatioun hunn. Déi aner Behaaptunge sinn einfach net richteg a sinn net akzeptabel.

Drëttens: Eng Ausso déi, wann ech mech däerf esou ausdrécken, awer de Combel ass: Do gëtt da gesot - ech mengen dat ass och den Här Zanussi - an engem Artikel: „Mutiert die DP zum Totengräber der öffentlichen Schule? Im Zusammenhang mit der Kostendiskussion muss man allerdings wissen, dass die Privatschulen bei weitem nicht die finanziellen Aufwendungen bringen müssen mit denen die öffentlichen Schulen operieren müssen, beispielsweise hinsichtlich der zum Teil niedrigeren Gehälter die Privatschulen im Vergleich zur öffentlichen Schule zahlen."

Dat fannen ech awer de Combel, fir ze soen datt d'Privatschoule méi déif Gehälter bezuelen. Dir gitt hinne jo awer nëmme 70% vun dem Coût de l'élève, an Dir maacht hinnen dann zum Reproche, datt se mat 70% vum Coût de l'élève net déiselwecht Gehälter ausbezuelen. Also esou geet d'Logik awer net. Ech versti se op jidde Fall net. Dat muss ee sech un der Zong unhéieren, wann ech mech däerf esou ausdrécken.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Op der Zong zergoe loossen.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech weess. Et war ee Wuertspill, Här Bodry.

Do schreift den Här Zanussi, an dat ass kee Wuertspill méi: „Wenn man dann noch die Beiträge der Eltern hinzurechnet, kann das Betreiben von Privatschulen ja fast zum lohnenden Geschäft werden. Eine von der Regierung beabsichtigte Entwicklung?"



Ech muss soen, ech ka mer awer net virstellen, wéi mat 70 bis 80% vum Coût de l'élève a mat kontrolléierte Minervalen dat Ganzt kënnt zu engem lukrative Geschäft ginn, wou een och nach Suen verdéngt. A wann den Här Zanussi mat 80% vun deem, wat e kritt, e Bau ka bezuelen, well dee kascht 100%, 20% nach kann aus senger Täsch bäileeën, an et dann nach fäerdeg bréngt e Boni ze maachen, muss ech soen, da kann ech him nëmme proposéiere fir Budgetsminister ze ginn, och wann den Här Krecké dat net gären huet, mä dann huet hien dat verdéngt. Ech gesi keen aneren hei am Land, deen dat kënnt fäerdeg bréngen. Dat ass esou wéi d'wundersame Brotvermehrung.

Véiert Ausso: „Auf jeden Fall wird dieses Projekt dazu führen, dass die bestehenden Privatschulen ihr Angebot ausbauen und neue private Schulen wie Pilze aus dem Boden schießen werden." Dat ass schonn 1982 gesot ginn. Mir hu gesinn, datt vun aacht Schoulen der dräi zougemaach hunn.

An da geet et weider: „Auch solche die sich nicht an das offizielle Lehrprogramm halten." Dat war 2002. Haut gëtt jo gesot, datt dat déi eenzeg sinn, déi ee muss ënnerstëtzen.

An dann d'Ausso vun dem Wettbewerbsvorteil, deen déi Privatschoule sollen hunn, Ausso déi och de leschten Donneschden op der Télé gemaach ginn ass. Do gëtt gesot, d'Privatschoule si méi konkurrenzfäeg. Dat jo sécher net well se méi Sue kréien, well si kréien der jo eng ganz Rei manner. Da gëtt gesot, datt se méi konkurrenzfäeg sinn, well se méi eng Flexibilitéit beim Bau, beim Astelle vum Léierpersonal hunn, Autonomie, pedagogesch Innovatioun. Ech soen dat net. Et ass gesot ginn op der Pressekonferenz, datt se méi Flexibilitéit hätten an dofir e Konkurrenzvirdeel.

Wann een an deem System e Konkurrenzvirdeel hätt, loosse mer mol esou soen, da géing ech jo awer net d'Konklusioun doraus zéien, datt ech da soen, mä deen, deen e Konkurrenzvirdeel huet, deem musse mer deen emol ewech huelen, dee musse mer erofzéien, dee musse mer integréieren. Au contraire, ech zéien dann d'Konklusioun draus, datt et fir ze analyséieren ass, wouhier kënnt dee Virdeel. Wann dee Virdeel Flexibilitéit, Autonomie ass, mä da musse mer onbedéngt higoen an der Ecole publique och déi Autonomie ginn, déi se wëllen. Dat ass genau dat, wat mir als Partei virschloen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Den Här Garcia huet hei och eng méi nuancéiert Analys gemaach an engem Artikel, deen ech gär virliesen. Do steet: "Der Antagonismus zwischen der ideologesch begründeten und sicherlich weiterhin berechtigten Verteidigung der öffentlichen Schule als Regelschule für die meisten Schülerinnen und der grösseren pädagogischen Autonomie privatgeführter Gebäude wirft eher ein schiefes Licht auf die staatliche Schule, als dass sie das Gespenst von Privatisierung und Elitebildung glaubhaft werden lässt. So haben sich etliche Linksintellektuelle der Petition von FGIL und LSAP nicht angeschlossen. Die Grünen zum Beispiel haben halbherzig unterschrieben, möchten jedoch die Diskussion auf das Terrain der Staatsschule zurückbeamen."

***(Interruptions)***

Also ech däerf an aller Frëndschaft dem Här Garcia recommandéieren, ier e Saachen hallefhaërzeg ënnerschreift, soll e se vollhäerzeg liesen, da brauch e se net hallefhäerzeg ze ënnerschreiwen.

***(Interruptions diverses)***

Jo, ech weess dat.

Mä da fiert den Här Garcia a senger Logik weider, an dee Saz ass och ganz interessant: „Durch mehr Autonomie und gezieltere Angebote in den Staatsschulen würde den Privatschulen mittelfristeg das Wasser abgegraben."

A wann en dat wëllt, a wann dat seng Zilsetzung ass, da fannen ech zumindest, dass d'Logik hei an dësem Text richteg ass. Et ass net meng Zilsetzung, mä ech fannen d'Logik richteg an ech fannen et richteg, dass een déi Logik dann och hei zum Ausdrock bréngt. Ech mengen awer, datt de Wee richteg ass an dass méi Autonomie soll an d'Statsschoule mat erakommen. Do huet den Här Garcia scho vollkomme Recht, quitte dass seng Zilsetzung ech net deelen.

An déi sechst an déi lescht Ausso, do steet an deem villzitéierten Absatz: „Dass eine bevorzugte Förderung" - an ech ënnersträichen bevorzugte, well dat jo gutt gesot ass - „der Privatschule der falsche Weg ist, beweist das Paradebeispill Finnland. Ein Land das weltweiter Spitzenreiter der PISA-Studie ist, in deem aber nur knapp 3% der Schüler private Schulen besuchen."

Den Här Zanussi schreift och nach „Das schlechte Ergebnis, das Luxemburg gerade in diesem Punkt der PISA-Studie vorzeichnen musste, wird durch solche Absichten weiterhin untermauert."

Et gëtt also hei gesot a versicht eng Relatioun tëschent PISA, dem schlechte Resultat vu Lëtzebuerg an der PISA-Studie an dem Bestehe vun de Privatschoulen hierzestellen. Finnland huet nëmmen 3% vun de Schüler an de Privatschoulen, huet dofir e gutt Resultat an der PISA-Studie. Lëtzebuerg huet 11,3 oder 12% vu Schüler an de Privatschoulen an huet dofir e schlecht Resultat an der PISA-Studie. Et ass jo dat, wann ech richteg verstinn, wat hei suggéréiert gëtt. Wéi ass dann d'Realitéit?

Éischtens wëll ech soen, dass och Finnland eng Finanzéierung vun de Privatschoule virgesäit, fënnt dat normal, huet dat och a senger Législatioun stoen. Et ginn awer nëmmen 3% vun de Schüler dran, et huet awer näischt mam Gesetzestext dee Moment ze dinn.

Zweetens, wann ech dann un aner Länner an Europa kommen a feststellen, dass an Irland 62,3% vun de Kanner am Secteur privé subventionné sinn, sinn awer déi Zweet am europäesche Verglach an der PISA-Etüd. Wann ech d'Belsch kucken, d'Communauté française, 56,9% am Libre subventionné an d'Communauté flamande 74,72% am Privé subventionné, da muss ech zumindest soen, dass an där Logik een hätt Lëtzebuerg misse wäit virun deenen dräi anere Länner fannen. Et ass awer net de Fall. An ech hätt missen de flämeschen Deel wäit virum wallouneschen Deel fannen, well déi eng 75% an déi aner nëmme 56% hunn. Dat ass awer net de Fall an et kënnt een nach vill aner Länner zitéieren. Dofir soen ech, déi Logik zumindest ass total falsch. Ech soen, et gëtt keen Zesummenhank fir ze soen, wou méi Privé ass, do sinn d'Resultater besser. Dat kann een net hierstellen an ech wëll och mat deenen Zuelen, déi ech elo hei genannt hunn, sécherlech keen Zesummenhank hierstelle fir ze soen, wou méi Privé ass sinn d'Resultater besser, well och dat wär grad esou falsch wéi dat éischt. Et hänkt net um System vum Subventionnement vum Privé, wéi d'Resultater a PISA sinn.

Zur Konklusioun wëll ech soen, et ass schued dass dës Diskussioun schonn am Virfeld Ulass ginn huet zu Méint a Méint vu Polemik. Meng Partei huet dat an deene leschte Méint net matgemaach. Ech hunn haut probéiert eng Rei Saache riicht ze stellen. Ech hunn dës Geleeënheet einfach dofir geholl.

Am Résumé wëll ech soen: Dat hei ass en Text, deen eng Fräiheet ofséchert, deen de Besoinë vun haut gerecht gëtt, deen dem Schoul-

system a senger Gesamtheet gutt deet an deen der öffentlecher Schoul näischt ewech hëlt, an dofir stëmmt d'CSV-Fraktioun selbstverständlech fir dësen Text.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Asselborn agedroen. Den Här Asselborn huet d'Wuert.

M Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all Gesetz wat dës Koalitioun an d'Chamber bréngt a Saache Schoul muss sech an eisen Aen dru moosse loossen ob d'Regierung et fäerdeg bréngt d'Schoul ze moderniséieren, se méi leeschtungsfäeg ze maachen, se un d'Gegebenheete vum 21. Jorhonnert ze adaptéieren.

Der programmatescher Ukënnegung vun der Demokratescher Partei vun 1999, fir eng besser, fir eng méi performant Schoul zu Lëtzebuerg, eng Schoul déi capabel ass déi méi staark Kanner ze fuerderen an deene méi schwaachen ze hëllefe méi staark ze ginn, huet d'Wahlresultat vun '99, esou hunn d'Expäre vun de Wahlresultater et deemools festgestallt, positiv beaflosst. D'DP huet, wéi mer wëssen, den Educatiounsministère kritt. PISA ass komm mat all sengen Opdeckungen an d'Faillë vun eisem System.

Mä d'Demokratesch Partei huet de Choix gemaach. Haut, ee Joer praktesch virun den nächste Wahlen, d'Reform vum Schoulwiesen zu Lëtzebuerg net op d'öffentlech Schoul ze konzentréieren, mä op d'Privatschoulen, doduerch dass se déi staatlech Subventiounen drastesch hei eropsetzt.

Et ka sinn, Här Wiseler, dass Dir an der CSV an och d'Demokratesch Partei am Ufank vun dësem Jorhonnert Recht hunn, dass mer haut an enger Gesellschaft liewen, wou nieft der öffentlecher Schoul eng Rei Bierger am Land extra Wënsch hunn a Saache Schoul, an hir Kanner an eng Schoul schécke wëllen, déi als Privatentreprise fonctionnéiert. Wann dëst esou ass, da mussen dës Bierger dovunner Gebrauch maachen, och dofir opkommen. Dat soll selbstverständlech net verbuede sinn, mä et soll déi national Solidaritéit, de Stat also, näischt däerfe kaschten. Well de Stat jo seng eege Schoul esou ze organiséieren huet, dass se optimal an alle Beräicher fir d'Kanner fonctionnéiert.

An dës Schoul, Här President, brauch Reformen, si muss méi flexibel ginn, méi offen, manner diktéieren, méi initiéieren, si muss méi Mëttele kréien, fir déi riseg Usprëch, déi jidderee berechtegterweis u si stellt, erfëllen ze kënnen. Dofir hu mer an dësem Land eng Madame Minister vun der Education nationale a mir hu keng Madame Minister vum Enseignement privé.

Här President, dëst Gesetz spigelt am Fong, an dat ass mer elo och confirméiert ginn, wéi ech déi zwee éischt Riedner nogelauschtert hunn, politesch ganz treffend de Geescht vun dëser CSV-DP-Regierung erëm. D'CSV, an ech wäert dat nach eng Kéier méi däitlech widderhuelen, ass eng Partei vun der Droite bliwwen, dëst och am 21. Jorhonnert. Dës CSV huet bis elo méi wéi 90 Joer nom Schoulgesetz vun 1912 ni wëllen akzeptéieren, dat hutt Dir an Ärer ganzer Ramm vun ärer Ried hei gesot, Här Wiseler, dass d'Educatioun vun de jonke Leit am Land an der Schoul exklusiv de Monopol vum Stat soll sinn. D'CSV an hir Virgängerin, d'riets Partei, hunn ni mat sech spille gelooss an dëser Fro. Haut setzt dës CSV en entscheedend Signal fir hir Positioun an dëser Fro am 21. Jorhonnert ze zementéieren.

D'CSV weist hiert Gesiicht. Et ass e konservatiivt Gesiicht, e Gesiicht vun enger rietser Partei, déi dem Stat a Saache Schoulpolitik kee Fiduz schenkt, mä seng eegen Zopp hei wëllt weider kachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz ass e kapitale Réckschlag fir d'Lëtzebuerger öffentlech Schoul, well dëst Gesetz géint de Geescht ass vum grousse Schoulgesetz vun 1912 a well dëst Gesetz och géint den Artikel 23 vun eiser Verfassung verstéisst.

Ech wëll an dëse puer Minutte vu menger Interventioun hei der grousser Demokratescher Partei, awer och der liberaler Partei, där Partei, deenen hir Virgänger, op déi se jo haut esou houfreg sinn, ganz staark bedeelegt waren, fir dass d'Schoulgesetz vun 1912, ee Gesetz, wat ech net brauch ze widderhuelen, jo de Corselet vun der Klerikalitéit an der Schoul de Lëtzebuerger ausgedoen huet, wëll ech e puer Sätz hei virdroen, déi hinne bestëmmt gefalen. Ech zitéieren: „D'Schoulgesetz vun 1912 ass e fundamentale Kompromëss, deen der Primärschoul 75 Joer laang Fridde bruecht huet an deen net däerf liichtsënnegerweis a Fro gestallt ginn. Déi wesentlech Eegeschaft vun onser eenzeger öffentlecher Schoul, déi se zu engem onentbierleche Bestanddeel vun onser Lëtzebuerger Demokratie mécht, ass hir Integratiounsfunktioun. Vun hir hänkt, a mengen Aen, wesentlech d'Iwwerliewensfäegkeet vun onser Gesellschaft of. Sécher gëtt mer da gesot, datt och d'öffentlech Schoul d'sozial Ongläichheet am Fong nëmme reproduzéiert, mä si mécht dat och awer op eng manner eklatant an diskriminatoresch Aart a Weis wéi d'Privatschoulen, well se et ënnerléisst Barrièrë scho beim Zougank opzeriichten."

An ech fuere weider mat dem Zitat: „Déi eenzeg Gefor, déi der öffentlecher Schoul dreet, ass den Immobilismus an d'Inertie um politesche Plang an déi geziilte Politik vun der CSV, déi versicht d'Privatschoule systematesch ze privilegéieren an domadder d'öffentlech Schoul an d'Hannertreffe bréngt.

Mir bestätege kloer, däitlech an onmëssverständlech d'Prioritéit, déi mir der öffentlecher Schoul zouerkennen. Et kann einfach net sinn, dass d'öffentlech Schoul géing u Qualitéit an Attraktivitéit verléieren. Et däerf net sinn, dass et an onsem Land op eemol zwee Systemer géinge ginn. D'öffentlech Schoul fir déi Aarem, fir déi vläicht manner intelligent a bestëmmt fir déi manner privilégiéiert Kanner an en anert, d'Privatschoule fir déi soi-disant Besserleitskanner. D'öffentlech Schoul dréit zu engem bedeitenden Deel dozou bäi, dass et an onsem Land kee Klassebewosstsënn an nach vill manner ee Klassekampf gëtt. D'öffentlech Schoul ass ee wesentlecht Element vun onser Lëtzebuerger Demokratie."

Originaltoun vum 23. Oktober 1987 am Kader vum 75. Anniversaire vun der FGIL, also der Léierinnenan der Schoulmeeschterfederatioun, vun der deemoleger Parteipresidentin vun der Demokratescher Partei an heiteger Europadeputéierten, Colette Flesch.

A fir all déi Leit vun eiser Partei, Dir Dammen an Dir Hären, déi net konnten op der Jorhonnertfeier sinn, zitéieren ech nach ee formidabele Saz vum liberale Rapporteur vum Schoulgesetz vun 1912, dem Maurice Pescatore: „Nous, Luxembourgeois, nous ne voulons pas deux écoles. Nous ne voulons pas la liberté de l'enseignement. Nous ne voulons pas de dualisme. Nous voulons une seule école pour tous. Nous désirons que dans l'avenir tous les Luxembourgeois passent sur les mêmes bancs pour que ministres et ouvriers, pour que grands propriétaires et petits paysans restent camarades dans la vie. Notre esprit d'égalité le veut ainsi." De Maurice Pescatore, wéi gesot, liberale Rapporteur vum groussherzogleche Gesetz.

***(Interruptions)***

Une voix.- Dat war virun 90 Joer, Här Asselborn. D'Situatioun huet awer e wéineg geännert an der Zwëschenzäit.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Dir Dammen an Dir Hären, vill Leit, Liberaler, Fortschrëttlecher…

***(Interruptions)***

Här President, vill Leit, Liberaler, Fortschrëttlecher…

***(Interruptions diverses)***

Här President, wann Dir mer net hëlleft, da kommen ech net méi un.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Lauschtert dach no.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Lauschtert no, et deet net wéi. Et ass just d'Wourecht.

Vill Leit, Dir Dammen an Dir Hären, Liberaler, Fortschrëttlecher, froe sech, wat dann haut an de Käpp vun der Demokratescher Partei virgeet, dass hir Schoulministesch, d'Madame Brasseur, dass hir Parteipresidentin, d'Madame Polfer, dass hire Generalsekretär, den Här Grethen, dass all hir Deputéierten higinn, an d'Madame Colette Flesch, mat enger Rücksichtslosegkeet sonnergläichen, verleegenen. Oder verleegend d'Demokratesch Partei sech selwer, mam Accord vun der Madame Flesch? Wéi ass d'Motivatioun vun der Demokratescher Partei bei dësem Gesetz ze situéieren?

***(Interruptions)***

Dëst Gesetz, Dir Dammen an Dir Hären, huet d'CSV vun der LSAP 1984, 1989, 1994, all Kéiers an de Koalitiounsverhandlunge refuséiert kritt, obschonn d'CSV deemools jo de Ministère vun der Education nationale hat. Dëst Gesetz, d'Madame Flesch huet et gesot, ass ee Gesetz, wat den Dualismus an der Schoul fuerdert, also just de Contraire vun deem, wat d'Demokratesch Partei mat der LSAP ëmmer verteidegt huet, nämlech de verfassungsrechtlechen Optrag, fir dem Stat seng Schoul, d'öffentlech Schoul, als eenzeg Schoul ze fuerderen.

„L'Etat veille à l'organisation de l'instruction primaire, qui sera obligatoire et gratuite et donc l'accès doit être garanti à toute personne habitant le grand-duché", Artikel 23 vun eiser Verfassung. Ech froen déi Dammen an déi Häre vun der CSV a vun der DP: Ass d'Privatschoul zu Lëtzebuerg gratuite? Ass D'Privatschoul gratuite, wéi et an eiser Verfassung steet? Si kann nëmme gratuite sinn an eisen Ae wa se vun der Solidaritéit vun der ganzer Gesellschaft gedroe gëtt, also wann d'Steiersuen, d'Infrastrukturen an d'Personal dës Schoul erméiglechen.

Et muss een d'Fro stellen, firwat de Stat bezuele muss. Firwat muss de Stat bezuelen? Fir senger eegener verfassungsméiglech obligatorescher Schoul, wéi et an der Verfassung steet, fir all Kanner Konkurrenz ze maachen. Näischt géint international Schoulen, déi, par définition, net kënnen national sinn. Oder och alternativ pedagogesch Modeller, déi hir Preuve, Här Wiseler, gemaach hunn an der EU a kënne konventionéiert ginn. Mä all déi aner Privatschoule ginn duerch dëst Gesetz als Konkurrenz zur öffentlecher Schoul duergestallt an opgebaut.

***(Interruption)***

Mir wëllen eng öffentlech Schoul wou pedagogesch Neierungen eng Chance kréien, wou d'Gebaier méiglechst vill Autonomie hunn. Mir wëlle keng steril Gläichmaacherei, keng rigide Uniformitéit an der Schoul an och tëschent de Schoulen, mä mir wëllen eng grouss staark öffentlech Schoul an der Hand vun engem Ministère, wou d'Kanner, déi jonk Leit all zesummen am Sënn vun der Chancëgläichheet an eis Gesellschaft erawuessen. D'Kohesioun vun eiser Gesellschaft gëtt an der öffentlecher Schoul an net nieft der öffentlecher Schoul garantéiert.

Här President, mat der entscheedender Hëllef vun eiser Partei ass d'Diskussioun ëm d'Zweetklassemedezin an de leschte Méint och hei am Parlament ofgewiergt ginn. Mä bei dësem Gesetz iwwert d'Privatschoule gëtt de Kär geséint, fir eng Zweetklassegesellschaft a Saache Schoulpolitik zu Lëtzebuerg ze erméiglechen.

Ech hunn et gesot, fir eis Partei ass dëst Gesetz e grousse Feeler, well de Stat seng eegen öffentlech Schoul diskreditéiert. An ech hu selbstverständlech och opmierksam e Samsdeg de Leitartikel vum Här Zeches am Lëtzebuerger Wort gelies. Wéi ech fäerdeg war mat liesen, hunn ech mech awer gefrot, wou dann den Interesse vun der Droite am Land vun de konventionelle Schoulen eigentlech leie kann.

An der öffentlecher Schoul hunn all d'Kanner d'Méiglechkeet um Reliounsunterrecht deel ze huelen. An der öffentlecher Schoul ginn déi nämlecht Programmer gemaach wéi an der privater Schoul. An der öffentlecher Schoul ass d'Formatioun vun den Enseignanten, wat d'Basisstudium ugeet vun hinnen, grad sou garantéiert, dacks nach besser garantéiert, wéi an der Privatschoul.

Dës Regierung huet sech jo och als Aufgab gesat, sou wäit se sech selwer eescht hëlt, fir d'Structures d'accueil an de Gemengen, an de Schoulen, iwwerall auszebauen. An et soll kee mer hei kommen a soen, dass se d'Privatschoule verteidegt, doduerch dass d'Privatschoule besser kënnen den Accueil assuréieren oder dass d'Privatschoule besser kënnen op déi méi schwaach Kanner zougoen, wéi d'öffentlech Schoulen et maachen. Dat ass nämlech dann d'déclaréiert Faillite vun deenen, déi fir d'Schoulpolitik am Land zoustänneg sinn.

Une voix.- Här Asselborn, hei ginn déi elementar Fräiheete verteidegt, soss näischt.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Firwat de privaten Dualismus sou markant ausbauen? Déi CSV- an DP-Politiker, déi zënter 1979 fir d'Lëtzebuerger Schoulpolitik am Ministère riicht ze stoen hunn, ginn dach haut hei de Lëtzebuerger ze verstoen, dass d'öffentlech Schoul nëmme ka verbessert ginn, doduerch dass d'Privatschoule wesentlech méi gefuerdert ginn.

Dëst Gesetz weist, dass d'Resultater vu PISA der CSV an der DP quietsch egal sinn, soss hätte si dëst Gesetz am Tirang gelooss a si hätte sech op déi wierklech Reformen an der öffentlecher Schoul konzentréiert.

Mir als LSAP, Här President, féiere kee Krich vu gëschter an dëser Fro. Mir verteidegen d'Fro…

Une voix.- Vu virgëschter ass et een!

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Wat Dir net gären héiert, do bläert Dir.

***(Hilarité)***

Mir als LSAP féiere kee Krich vu gëschter, wéi d'Lëtzebuerger Wort et geschriwwen huet, a Saache Privatschoulen. Mir verteidege ganz kloer d'Roll vum Stat a Saache Schoulpolitik.

D'CSV - an ech kommen elo zu lech - verteidegt eppes anescht. Si verteidegt déi ureege Roll an hir Interessen an der Lëtzebuerger Politik mat dësem Gesetz. Der kathoulescher Kierch wëll ech hei am Numm vun eiser Partei soen, dass an eisen Aen näischt ze soen ass géint de Prinzip vu konfessionelle Privatschoulen, fir Leit, déi sech hei ugeschwat fillen, an déi dann och des Leschten, als extra Wënsch, ze droen hunn.

Falsch ass et awer, aus eiser Siicht, dass d'Allgemengheet, de Steierzueler, asprange muss, fir dass dës Schoule massiv finanzéiert ginn, souwuel wat d'Gebaier ugeet wéi och wat de Fonctionnement ugeet.

***(Interruption)***

Här Boden, Dir waart laangt Minister vun der Educatioun. Mat deem doten Argument privatiséiere mer d'Schoulen alleguerten am Land, da komme mer méi bëlleg ewech. Dat ass dann d'Argument. Heibäi gëtt eng falsch…

***(Interruptions)***

Här President, Dir hëlleft mer guer net, mä ech wollt soen, heibäi gëtt eng falsch Interpretatioun…

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- …Wat ass da geschitt an der Zwëschenzäit?

***(Interruptions)***

M. le Président.- Här Asselborn, ech géif Iech bieden, also wat Är Zäit ubelaangt - et gëtt jo gesot mir mussen d'Zäiten anhalen - sidd Dir elo schonn amgaangen dem Här Zanussi seng Zäit erof ze huelen, Dir sidd scho fënnef Minutten iwwert déi Zäit déi Dir uginn hat. Ech wollt Iech dat awer soen.

Une voix.- En ass vill ënnerbrach ginn.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Heibäi gëtt eng…

***(Interruption)***

Hätt Dir gären ech soll ophalen, Här President?

***(Interruptions diverses et brouhaha général)***

M. le Président.- Hei mat deem Ënnerbriechen, dat berout op Géigesäitegkeet. Ech mengen et brauch keen deem aneren hei ee Virworf ze maachen. Da sidd elo rouegan da lauschtert no! Den Här Asselborn kënnt zu de Schlussfolgerungen an da fuere mer weider.

***(Interruptions diverses)***

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Ech kommen zu de Schlussfolgerunge wann ech dat wëll, Här President.

***(Hilarité)***

Heibäi gëtt eng falsch Interpretatioun…

***(Hilarité et brouhaha général)***

Neen, loosst mech awer elo hei wéinstens dat heite fäerdeg maachen.

M. le Président.- Jo, mir loossen Iech dat da fäerdeg maachen.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Ech halen awer elo net hei op wann ee mengt, ech soll elo ophalen.

M. le Président.- Neen, mä ech wëll Iech drun erënneren un déi Zäit, déi Är Partei uginn huet déi Dir géift schwätzen, an déi déi aner géife schwätzen.

Une voix.- Loosst e wann ech gelift schwätzen.

M. le Président.- Hei gëtt ee behandelt wéi deen aneren an Dir aner sollt roueg sinn a lauschteren, da wier hie scho laang fäerdeg. Also loosst den Här Asselborn schwätzen!

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Heibäi gëtt eng falsch Interpretatioun vum Subsidiaritéitsprinzip gemaach. Eis Verfassung schreift dem Stat vir déi öffentlech gratis obligatoresch Schoul ze organiséieren. Dëst am Contraire, Här

Wiseler, zu sozialen Aufgaben am Stat, an der Gesellschaft, wéi zum Beispill d'Betreiung vu jonke Leit oder d'Betreiung vun eelere Leit, vu Kranken, vu Schwaachen, wou de Stat dës Aufgab mat Privatinitiativ deele kann.

D'CSV gesäit och am 21. Jorhonnert an der konventioneller Privatschoul Pépinièrë fir hir politesch Intérêten ënnert de jonke Leit ze séinen. D'LSAP traut dem Stat zou…

***(Interruptions)***

D'LSAP traut dem Stat zou, dass hien, de Stat, den Optrag vum Artikel 23 vun eiser Verfassung erfëlle kann.

M. Une voix.- Wéi ass et da mat de Mënscherechter? Wéi stidd Dir dann dozou?

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- D'CSV awer war, ass a bleift an dëser Fro eng Partei, déi wéi eng konservativ Partei vun der Droite an der Educatiounspolitik d'Roll vun de staatlech subventionéierte konventionelle Privatschoulen net aus der Hand wëll ginn.

Folglech muss de Steierzueler dës CSV-Approche finanzéieren, well den Intérêt vun der CSV ass par définition an der chrëschtlech-sozialer Logik ëmmer och mam héijen Intérêt vum Land gläich ze stellen.

An ech wëll Iech soen, dass dem Här Wiseler - an ech ënnerstellen him elo guer näischt, well ech e respektéieren als Deputéierten - säin Ausdrock, deen hie gesot huet, dass nëmmen totalitär Regimer et fäerdeg brénge fir déi Aufgab, déi eis Verfassung am Artikel 23 virschreift, nämlech d'öffentlech Schoul ze organiséieren, dass dat eng ganz, ganz gefäierlech ass. Domadder gi jo dann déi Leit déi sech asetze fir d'öffentlech Schoul, och d'LSAP, an d'Géigend bruecht vun enger totalitärer oder totalitäragestallter Partei. Här Wiseler, ech wëll Iech just soen, an Dir Hären an Damme vun der CSV, denkt un 1937 an un d'Rietspartei.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här Asselborn, ech si fir d'öffentlech Schoul mä awer och fir d'Fräiheeten hei am Land.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- D'Demokratesch Partei schwëmmt an hirem Aquarium géint all liberal Stréimunge mat, a géint all hir Prinzipien, Här Rippinger, déi se sech am 20. Jorhonnert an dëser Fro ugëeegent huet.

An dësem 21. Jorhonnert spillen d'Reliounen, wéi de Malraux et iwwerspëtzt ausgedréckt huet, eng déterminant Roll wat e friddlecht Zesummeliewen um ganze Planéit vun de Mënschen ugeet. All Reliounen op der Welt, all, si mäerderesch wa se dem dogmatesche Fanatismus fräie Laf loossen. D'Geschicht huet dëst gewisen hei am Westen. Haut gesi mer et a Liewensgréisst op deem ganze Planéit.

Et gëtt ee Wee an eisen Ae fir deem entgéint ze goen an dat Iwwel un der Wuerzel ze paken. An der Schoul mussen déi jonk Leit Toleranz, Respekt virun alle philosopheschen, kulturellen an och religiéisen Opfaassunge virdemonstréiert kréien. Wat ech hei soen ass kee bëllegen a kee fanateschen Antiklerikalismus. Et ass eng Astellung zu enger wierklecher Chancëgläichheet, déi doduerch erreecht gëtt dass all Kanner, all jonk Leit, déi an eisem klenge Land eropwuessen, zesummen an därselwechter grousser öffentlecher Schoul, déi gratis ass, déi obligatoresch ass, ouni Viruerteeler an ouni Parti pris eropwuessen.

Dës Koalitioun, an dat ass meng Konklusioun, dës Regierung och, sinn net capabel gewiescht, dës kapital wäitsiichteg Thematik richteg anzegesinn. Den Asaz fir d'öffentlech Schoul ass am 21. Joerhonnert aus eiser Siicht nach méi wichteg wéi am 20. Joerhonnert fir de jonke Leit d'Basisdenke vum friddlechen Zesummeliewen an der Zukunft ze léieren. D'CSV an d'DP hunn dat net am Fong verstanen, dofir kënne se fir dëst Gesetz net op eisen Appui zielen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Den Här Meisch huet d'Wuert.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer d'alleréischt menger Fraktiounskolleegin, der Madame Agny Durdu, ze félicitéiere fir hiren excellente schrëftleche wéi och mëndleche Rapport zu dësem Gesetzesprojet iwwert d'Relatiounen tëschent dem Stat an de Privatschoulen, deen den 3. Oktober 2002 vun der Educatiounsministesch Anne Brasseur hei déposéiert gouf.

Entgéint deem wat an deene vergaangene Wochen oft behaapt gouf, ass dëst kee Gesetz fir d'Privatschoulen, et ass och kee Gesetz géint déi öffentlech Schoul, et ass ganz einfach ee Gesetz fir e pluralistescht Schoulwiesen hei zu Lëtzebuerg. Opbauend op enger Situatioun déi historesch gewuess ass, ginn d'Relatiounen tëschent dem Stat an de Privatschoulen transparent a kloer definéiert.

Dëse Gesetzesprojet geet zréck op de Koalitiounsaccord, deen eng weider Finanzéierung vun de Privatschoule virgesäit. Schonn am Wahlprogramm huet d'Demokratesch Partei kloer Stellung bezu fir e pluralistescht Bildungswiesen: „Die DP tritt vornehmlich für die öffentliche Schule ein, dies im Sinne der Chancengleichheit, der Integration und einer garantierten humanistischen und pluralistischen Ausbildung. Daneben werden wir private Initiativen unterstützen, welche die oben genannten Bedingungen erfüllen und neue Wege in den Bereichen Pädagogik und Wissensvermittlung gehen, um eine Dynamik im Luxemburger Schulwesen zu entfachen."

Domat soll deenen eenzelne Privatschoule finanziell méi staark ënnert d'Äerm gegraff ginn, fir hinnen d'Méiglechkeet ze ginn déi wichteg Roll, déi se am Bildungswiese spillen, och an Zukunft ze assuréieren. Dës Mesure schreift sech an den allgemenge Kader vun den Investitiounen an d'Lëtzebuerger Schoul an, nodeems dës Regierung scho vill an déi öffentlech Schoul investéiert huet. Et ka keen Zweifel doru bestoen, déi öffentlech Schoul behält weiderhin déi absolut Prioritéit.

Här President, ee vun deenen Haaptvirwërf deen dëser Regierung vun der Oppositioun zu dësem Projet gemaach gëtt, ass deen, datt heimat déi öffentlech Schoul géif vernoléissegt ginn, datt heimat Privatschoule géifen ee Geldsege kréien op Käschte vun der öffentlecher Schoul. Ech erënneren awer, datt d'Privatschoule proportionell zu der öffentlecher Schoul finanzéiert ginn. Wann also vill an déi öffentlech Schoulen investéiert gëtt, da kommen och déi Privatschoule besser ewech, an ëmgedréint, dat heescht wann déi Privatschoule méi Geld iwwer Subside kréien, da gëtt automatesch och méi an déi öffentlech Schoul investéiert. Et ass eng mathematesch Relatioun, déi jidderengem misst aliichten.

Ënnert dëser Regierung an hirer Educatiounsministesch Anne Brasseur ass vill an déi öffentlech Schoul investéiert ginn. Esou louchen déi finanziell Mëttele fir d'Joer 2002 bei net manner wéi 622.203.909 Euro. Ech weisen drop hin, datt nach sechs nei Lycéeën an deenen nächste Jore wäerten entstoen. Et gëtt also massiv an d'Schoulinfrastrukturen investéiert. Datselwecht gëllt wat de Recrutement vum Léierpersonal am Postprimaire betrëfft. Hei klëmmt d'Zuel vun de Posten, déi all Joer nei besat ginn, konstant. Et sinn der mëttlerweil ronn 170.

Dëser Regierung, a besonnesch der Educatiounsministesch Anne Brasseur, kann deemno net de Virworf gemaach ginn, fir si hätt d'öffentlech Schoul net d'Prioritéit. Niewent der öffentlecher Schoul existéiert nun eben emol eng Privatschoul mat enger laanger Traditioun, déi duerch hiren Encadrement eng gewësse complémentaire Roll spillt, gespillt huet an nach ëmmer spillt. D'Demokratesch Partei vertrëtt och nach haut d'Meenung, datt d'Elteren, mä och d'Schüler selwer, d'Fräiheet musse behale bei der Wiel vun der Schoul, öffentlech oder privat. Dëst ass eise Credo. Or, ouni finanziell Ënnerstëtzung zu Gonschte vun de Privatschoule wär dëse libre choix duerch héich Minervalë fir vill Familljen net méi méiglech. Privat Etablissementer sinn an eisen Aen d'intérêt public a solle weiderhi subventionéiert ginn.

Ech wëll elo hei net op déi eenzel Detailer vun dësem Gesetzesprojet agoen, meng Fraktiounskolleegin huet dat, wéi gesot, schonn an hirem Rapport gemaach. Ech kommen awer net derlaanscht op déi deelweis virulent a scho bal peinlech Oppositioun, haaptsächlech vun der LSAP, anzegoen. Mat Ach a Krach opposéieren eis sozialistesch Kolleege sech géint de Subventionnement fir d'Privatschoulen ze stäipen unhand vu fadenscheinegen Argumenter, mat deene se sech leider oft selwer an de Schwanz bäissen.

Dëst war jo 1982, wéi dat éischt Schoulgesetz iwwert d'Finanzéierung vun de Privatschoulen hei zur Debatt stoung, net vill anescht. Mir hu jo schonn déi eng oder déi aner Zitater aus deenen Diskussiounen héieren. Mat deem Gesetz konnt d'Existenz vun de Privatschoule materiell ofgeséchert ginn. Deemools hunn déi Häre Robert Krieps, Berg, Dondelinger a Birtz scho probéiert d'Leit vun der Hérésie vun esou engem Projet ze iwwerzeegen. Ouni Erfolleg allerdings. Deemools hu se schonn hei gejaut, et géif zu enger illegaler Konkurrenz par rapport zu der öffentlecher Schoul kommen, d'DP géif d'öffentlech Schoul verroden an esou weider.

Dobäi haten eis sozialistesch Kolleegen et 1982 e bësse méi einfach, vu datt et sech deemools ausser dem Institut Emile Metz ëm konfessionell Schoule gehandelt huet. Si haten also hirem intoleranten Antikonfessionalismus fräie Laf gelooss an d'Privatschoulen diaboliséiert, an de sougenannten CSV-Stat ugeprangert, wéi mir dat elo grad erëm hei héieren hunn. Mat deem neie Gesetz kënnt awer nach eng Partie vun net konfessionelle Privatschoulen derbäi, wat der LSAP d'Argumentéieren net méi liicht mécht. Esou wäit zu hirer Verteidegung.

Deemno musse se elo nach méi déif an déi verstëbsten Ideologiekëscht gräifen, an zéien den ale Klassekampf eraus, fir ze soen, et géif zu enger sougenannter Zwouklassegesellschaft kommen.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Dat huet d'Madame Colette Flesch gesot. Dir kennt se jo!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Jo, mir kenne se gutt. Mir deelen dat nach wie vor, Här Asselborn, wat d'Madame Flesch gesot huet. Ech hunn Iech virdrun eise Wahlprogramm vun 1999 zitéiert, an dat geet deem, wat d'Madame Flesch 1987 gesot huet, wat Dir virdrun zitéiert hutt, net wäit aus de Féiss.

Et géif zu enger Zwouklassegesellschaft kommen, wou déi sozial a souguer national Kohesioun géing op d'äusserts op d'Spill gesat ginn. Dëst Gesetz géif dozou bäidroen, datt nëmme gutt situéiert Familllje sech et kéinte leeschten hir Kanner an eng Privatschoul ze schécken. Ech erënneren d'LSAP-Fraktioun drun, datt mer hei e Projet virleien hunn, deen de Subventionnement vun de Privatschoulen no uewe revidéiert, an d'Minervalen, déi elo net besonnesch héich sinn, doduerch net drastesch dierfte klammen, mä éischter kéinten no ënne goen. D'Héicht vun esou engem Minerval läit ëm déi 300 bis 350 Euro pro Joer.

Dëst kontradiktorescht Argument fënnt sech erëm an deem ominéisen Appel fir d'öffentlech Schoul, dee vu lénken Eminenzen, vun Asselborn iwwer Huss an Urbany bis Zanussi als Erstunterzeichner ënnerschriwwe gouf.

***(Interruption)***

Wéi eng professionell Kategorië schécken hir Kanner dann elo a Privatschoulen? Sinn et haaptsächlech Eltere mat supposéiert décke Portefeuillen? Ech mengen net, well 68% vun de Schüler am Lycée technique Marie-Consolatrice si Kanner vun Aarbechter. Um Fieldgen sinn et 39% an am Lycée technique Ste. Anne sinn et 56%.

Ass et dann elo vläicht esou, dass d'Privatschoulen dat lescht Réckzuchsgebitt fir lëtzebuergesch Schüler sinn, an d'öffentlech Schoul sech mat enger multikultureller Schülerschaft muss erëmploen? Neen, och dat stëmmt net, well am Lycée technique Marie-Consolatrice hunn 38% vun de Schüler eng auslännesch Nationalitéit, um Fieldge sinn et 28% an am Lycée technique Ste. Anne zu Ettelbréck sinn et 32%. Ech erënneren drun, datt am Landesduerchschnëtt ronn 34% vun de Schüler Net-Lëtzebuerger sinn. De Schüler an enger Privatschoul ënnerscheet sech also net sonderlech vun engem Schüler an enger öffentlecher Schoul, ausser vläicht nach am Weltbild vun der lëtzebuergescher sozialistescher Aarbechterpartei.

Huele mer emol un de Stat géif d'Privatschoulen net subventionéieren. Deemno wären effektiv nëmme Kanner aus besser situéierte Familljen amstand eng Privatschoul ze besichen. Géifen d'Opposanten dann iwwerhaapt d'Privatschoulen nach toleréieren? Wann d'Privatschoulen zur Ongerechtegkeet bäidroen, misste se da verschwannen? Wéi eng Responsabilitéit dréit dann de Stat, dee jo géif dës Ongerechtegkeet erbäiféieren?

Gitt all deene Schüler an Elteren, déi sech fir d'Privatschoul entscheet hunn, esou wéi och de Responsable vun deenen ënnerschiddleche Privatschoulen emol eng Äntwert op déi dote Froen.

Här President, d'Demokratesch Partei vertrëtt weiderhin d'Meenung datt Privatschoulen zum Pluralismus an der Diversitéit bäidroen, an net, wéi d'LSAP dat behaapt, eng Inégalité des chances provozéieren. Mir fäerten och net wéi den Här Fayot, datt et zu enger Ghettorisiérung kënnt bäidroen. D'Chiffere vu virdru beleeën dat jo kloer an däitlech.

An hirem sougenanntenen Appel fir d'öffentlech Schoul, deen am Fong en Appel géint d'Privatschoul duerstellt, gi mer dann och nach gewuer, firwat dass Lëtzebuerg esou schlecht an der PISA-Etüd ofgeschnidden huet. Nodeems d'Sozialisten an aner Oppositiounsparteien net midd si gi fir op d'öffentlech Schoul ze klappen, gi mer dann elo gewuer, dass hei am Land ze vill Schüler a Privatschoulen ageschriwwe sinn. Do hu mer et. „Dass eine bevorzugte Förderung der Privatschulen der falsche Weg ist beweist das Paradebeispill Finnland, ein Land das weltweit Spitzenreiter der PISA-Studie ist, in dem aber nur knapp 3% der Schüler private Schulen besuchen. In Luxemburg sind es bereits 12%."

Ee vu menge Virriedner, et war den Här Wiseler, hat schonn eng Rei vu Beispiller opgezielt, wou den Taux vu Schüler a Privatschoulen däitlech méi héich ass. Ech wëll deem nach eent dobäifügen. Et ass e Land, wat een net direkt ka mat eis vergläichen, wat och nach e bësse méi wäit ewech läit, nämlech Südkorea, wou net manner wéi 20% vun de Schüler an enger Privatschoul sinn. Déi koreanesch Schüler hunn am PISA-Test an den Naturwëssenschaften, just pour information, déi éischt Plaz beluecht, an der Mathematik déi zweet an am Liesen déi fënneft. Et soll een dorauser keng Konklusiounen zéien, do ginn ech dem Här Wiseler och Recht, wann elo d'Privatschoul en Alternativmodell wär, an en Allheelmëttel fir den nächste PISA-Test, mä et weist op jidde Fall datt et keen Argument gëtt géint Privatschoulen, wéi esou vill anerer dat och schonn hei behaapt hunn.

Des Weideren huet d'LSAP op hirer medienträchteger Pressekonferenz d'lescht Woch et fäerdeg bruecht nach emol sech ze widderspriechen. Bis elo huet se ëmmer gefuerdert, datt d'Privatschoule sech missten deenen öffentleche Schoulen upasse wat d'Programmer an d'Léiermethode betrëfft. Hei dierft net mat deux poids et deux mesures gefuer ginn. Elo, wou besonnesch déi konfessionell Etablissementer säit dem Gesetz vun 1982 sech un déi öffentlech Schoul aligniéiert hunn, ass deen neie Werbesproch vun der LSAP folgenden: „La présence d'une école privée à côté de l'école publique ne se justifie que si l'école privée constitue une véritable alternative à l'école publique, en ce sens que les contenus et/ou méthodes d'enseignement se distinguent de ceux qui sont en vigueur dans l'école publique." Also eng Kéier vun 180 Grad, erëm eng Kéier vun 180 Grad. Et ass net déi éischt, an ech ginn dovunner aus datt et och net déi lescht wäert sinn.

***(Interruption)***

Et kann een awer net eng Kéier dat eent behaapten an da kuerz drop erëm eng Kéier genau de Contraire dovunner. Dir widderspriecht lech mat deenen Argumenter, wou Der probéiert hutt dat 1982er Gesetz ze attackéieren. Genau déi Argumenter dréint Der elo ëm a wëllt se géint dat heite Gesetz uwenden.

Engersäits fäerte se ëm d'sozial an d'national Kohesioun, wann eng Partie vun eise Schüler an eng Privatschoul geet, nëmme well se privat ass. Déi Schüler ginn also stigmatiséiert. Anerersäits soe se, wa schonn eng Privatschoul, dann awer w.e.g. eng total aner par rapport zu der öffentlecher Schoul. Ech froen Iech, wou bleift do d'Logik?

***(Interruptions diverses)***

Här President, ech erënneren nach eng Kéier drun, datt d'Privatschoule proportionell zu der öffentlecher Schoul finanziell gehollef kréien. An et ass jo esou, datt wann de Stat misst déi 3.633 Schüler aus private Schoulen ophuelen, da géif dat bei wäitem méi deier gi wéi de Subventionnement. Dëst ass zwar eng al Leier, mä et kann een dat net oft genuch widderhuelen. Mat finanziellen Argumenter kritt een dëst Gesetz op jidde Fall net zu Fall.

D'LSAP zéckt net fir ze behaapten, datt mam Gesetz vun 1982 d'CSV-DP-Regierung der Privatisatioun vum Enseignement fräie Laf ginn hätt, an dëse Projet géif nach méi dozou bäidroen. A ganz Europa, ausser an Italien an a Griichenland, ginn d'Privatschoulen subventionéiert. Kann ee seriö vun enger Privatisatioun dobäi vum Enseignement schwätzen? Ech sinn iwwerzeegt, dat kann een net. Déi öffentlech Schoul behält d'absolut Prioritéit, soss hätte mer an deene leschte Joren net esou massiv an eis öffentlech Schoul investéiert. Och brauch keen ze fäerten, d'Schoul géif vum grousse Kapital verschlonge ginn a se wär just op Profit aus. Esou Schreckensszenarien entbehren aller realistescher Grondlag.

Här President, ech wollt hei och nach op d'Bedeitung vun den internationale Schoulen hiweisen, déi e wichtegen Atout fir eist Land sinn. Dës erlaben de Kanner vun auslänneschen Employéen, déi fir eng relativ kuerz Zäit am Land sinn, eng adequat Ausbildung ze vermëttelen, wat déi öffentlech Schoul duerch de Sproochekontext net kann ubidden. Dës Perspektiv mécht et sécherlech fir auslännesch Investisseure méi einfach sech hei am Land ze etabléieren, wat eiser Ekonomie zegutt kënnt. D'Vertrieder vun der internationaler Geschäftswelt, notamment d'American Chamber of Commerce in Luxembourg hu jo dëse Projet öffentlech ënnerstëtzt a begréisst. An Dir gesitt, datt och dat en Deel vun enger effikasser Standuertpolitik ka sinn.

Et sief och nach vermierkt, an dat ass an de bisheregen Diskussiounen an Debatten hei e bëssen ënnergaangen, datt nëmmen en Enseignement kann dispenséiert ginn, wann eng Autorisatioun op Basis vun engem Arrêté grand-ducal virläit. En plus ënnerleien d'Privatschoulen dem Contrôle vun der Inspection pédagogique vum Educatiounsministère. Hei eng kommerziell Dérive erbäizeruffen, ass ganz einfach mat den Hoer erbäigezunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sti ganz kloer zu der Schoul am allgemengen. Déi öffentlech Schoul, an dat hu mer bewisen, läit eis um Häerz. Déi Privatschoule wëlle mer op kee Fall fale loossen. Dëse Projet ass eng Adaptatioun vum Gesetz vun 1982 un d'Besoinë vun haut. En dréit deenen ënnerschiddleche Facettë Rechnung, an dofir stëmme mir als DP-Fraktioun dëse Projet.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombera agedroen. Den Här Colombera huet d'Wuert.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänken eise Merci un d'Rapportrice, d'Madame Agny Durdu, fir hire mëndlechen a schréftleche Bericht iwwert dëse Gesetzesprojet 5029 zur Finanzéierung vun de Privatschoulen. Déi lescht Méint ass vill iwwert dëse Gesetzesprojet polemiséiert ginn. Et ass virun der grousser Gefor vun enger Zweeklassegesellschaft gewarnt ginn, virum Zerfall vum öffentleche Schoulwiesen, vun Ënnerdréckung, vun der Chancëgläichheet, an dat grad vun deene Leit, déi ganz engagéiert nei Reforme gefuerdert hunn, mat méi Matbestëmmung a méi grousser Autonomie a méi Pedagogie am Schoulwiesen.

Et ass och ferm géint d'kathoulesch Privatschoule geklappt ginn, well muncher och hei de laïzistesche Stat an enger grousser Gefor gesinn hunn. Fir eis als ADR ass nëmmen eppes wichteg, nämlech déiselwecht Rechter fir jiddereen, ob öffentlech oder privat. D'Haaptsaach ass, dass um Schluss deen erwënschten Erfolleg garantéiert ass.

Ech zitéieren an dësem Zesummenhank den Artikel 24 vun der Charta vun de fundamentale Rechter, dee seet am Ofsaz 2: „Dans tous les actes relatif aux enfants, qui sont accomplis par les autorités publiques, ou des institutions privées, l'intérêt de l'enfant doit être une considération primordiale". Vun dësem Standpunkt gi mer aus, datt esouwuel déi öffentlech Schoul wéi och déi Privatschoule sech total fir d'Erzéiung vun de Kanner sollen asetzen, mat engersäits dem Minimalzil, dat dora besteet fir duerch d'Erzéiung an den Unterrecht d'Eropwuessen an déi gesond Entwécklung vum Jugendlechen net ze stéieren, an anerersäits mam Maximalzil fir dass déi Jugendlech spéiderhin dee Beruff ausübe sollen, fir dee se sech beruff fillen.

Fir de Stat, dee Garant fir d'Bildung ass, soll all Kand gläich vill Wäert sinn, an hie muss dofir Suerg droen, datt alles mat faire Mëttele gehandhaabt gëtt, an net duerch eng ze grouss ënnerschiddlech finanziell Ënnerstëtzung vun de Schoulen déi eng oder déi aner Schoulform favoriséiert gëtt.

Déi eenzeg Kritik un dësem Gesetzesprojet ass de Fait, datt am private Schoulsystem eng Differenz gemaach gëtt tëschent Privatschoulen, déi hiert eegent pedagogescht Konzept entwéckelen, an déi net d'Programmer vum Lëtzebuerger Enseignement ubidden, an de Privatschoulen, déi den normale Programm duerchzéien, wëssend datt d'Kanner net alleguerte mat enger Régie de programmes zu Wee kommen an déi eng personaliséiert Educatioun néideg hunn. Hei huet een d'Impressioun, datt d'Regierung e bëssen de Mutt verluer huet an Angscht hat fir méi wäit ze goen an esou zum Beispill eng Waldorfschoul nach besser ze ënnerstëtzen.

De Stat muss sech vum pedagogeschen Inhalt, deen an der Schoul vu geléierte Pedagogen dispenséiert gëtt, eraushalen, well schliesslech kënnt d'Innovatioun ni vun uewen, mä vun der Basis, dat heescht vun der privater Initiativ a vum Engagement vun allen Acteuren, déi um Terrain schaffen, am Klima vun der Selbstbestëmmung a vun der Eeegeverantwortung, déi Bierger versetze kann. Dass zum Schluss vun der Scolaritéit eng staatlech Kontroll existéiere muss mat deeneselwechten Norme fir jiddfereen, dat ze géréieren ass d'Missioun vum Stat. Wéi een zu dësem Zil kënnt, dat ass d'Fonctioun an d'Missioun vum Schoulpersonal, vum Pedagog mat Abannung vun den Elteren an den Inspekteren als Partner.

D'Chancëgläichheet an der Bildung kann nëmmen erreecht ginn, wann een d'Kanner an hirer Individualitéit betruecht a si deementspriechend duerch d'Schoulzäit féiert. D'Bildungsfräiheet ass e Mënscherecht an duerfir muss d'Schoulwiese pluralistesch an demokratesch sinn. Dat heescht also net de staatleche Schoulsystem géint de private Schoulsystem auszespillen, mä si solle matenee coexistéieren a fir jiddfereen Zougang hunn.

Dëse Projet de loi ass e Schratt an déi richteg Richtung fir d'Erzéiungs- an Unterrechtskonscht sech weider entwéckelen ze loossen an esou e weidert PISA-Debakel ze verhënneren. Begréisst gouf dëse Gesetzesprojet och vun der amerikanescher Handelsgewerkschaft zu Lëtzebuerg, déi heiranner e Virdeel gesäit, well hir Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, manner Spesen u privat Institutioune bezuele mussen, fir d'Educatioun vun hire Kanner ze garantéieren. Dat huet zur Folleg, dass déi auslännesch Fachkräften och wéinst bessere Konditioune méi laang hei zu Lëtzebuerg bleiwen, wat wichteg ass fir d'Entwécklung vum Lëtzebuerger Land.

E puer Wuert zur Philosophie vum ADR an dësem Dossier. Den ADR ass net géint d'öffentlech Schoul. Au contraire, mir wënschen eis e wierksame Bildungssystem, fir dass jiddferee seng Qualitéiten esou ëmsetze kann, dass hie säin Dramberuff herno ausübe kann. Dobäi muss de Schüler de beschten Encadrement hunn, deen een oder deen anere beschten Trainer, dat heescht e motivéiert Léierpersonal, fir hien op dësem Wee ze begleeden. Mir sinn aus dësen Iwwerleeungen eraus ganz frou, datt et Privatschoule gëtt mat der Argumentatioun, datt well dës Institutiounen op privatrechtlecher Basis fundéiert sinn praktesch no marktwirtschaftleche Kritäre gehandelt gëtt an esou d'Leeschtung vum Schoulpersonal garantéiert gi muss, fir dat bescht aus de Kanner erauszeschloen. Anerefalls kann et zu drastesche Konsequenze fir d'Léierpersonal kommen, wat an der öffentlecher Schoul net passéiert.

Ech erënneren hei un d'Entloossung vum Direkter vun der Emile-Metz-Schoul. Dat wär an den öffentleche Schoulen ni geschitt. Dës Sanktiounsméiglechkeet bréngt natierlech eng ganz aner Dynamik an de Schoulsystem, a mir wäre frou wann nach méi Privatschoulen hir Diere géifen opmaachen, fir esou d'Konkurrenz méi spillen ze loossen a fir de Leit méi Choix ze ginn. Wa statistesch gesinn d'Resultater an de Privatschoule besser wieren, da misst d'öffentlech Schoul sech dorunner orientéieren, nozéien an hire Programm esou gestalten, hiert Personal esou motivéieren, dass et ni méi zu enger neier PISA-Katastroph géif kommen.

Här President, ech wéilt hei e Beispill gi wéi et an enger Privatschoul ausgesäit, zum Beispill an der Ecole maternelle et primaire française. Capacitéit 430 Kanner. Aschreiwungsgebühr 4.000 Euro. Zesumme sinn dat ongeféier 70 Milliounen aler Lëtzebuerger Frang. Dovunner muss een ongeféier 70%, dat heescht 50 Millioune Frang, fir d'Schoulpersonal, d'Educateuren, d'Sekretärinnen an den Direktiounsstaff virgesinn. En moyenne ass dat ongeféier eng Equipe vu 40 Leit. Den Nettobetrag vun engem Schoulmeeschter oder enger Schouljoffer ass 80.000 Frang pro Mount mat - an dat wëll ech ënnersträichen - enger Obligation de résultat.

Wa verschidde Kanner eng ongenügend Note hunn, da kréie si net fënnef oder méi Punkten nogehäit als Kompensatioun souzesoen, mä et gëtt versicht fir dat Kand ze ënnerstëtzen, fir dat Kand opzefänken, fir dat Kand opzebauen. Dat ass och de richtege Wee, deen een aschloe muss.

Ech hunn elo net gesot, dass d'Schoulpersonal an der öffentlecher Schoul 80.000 Frang verdénge misst. Mir als ADR sinn net dergéint, dass eist Schoulpersonal finanziell gutt do steet. Au contraire, op dëser Plaz wëll ech betounen, dass den ADR ni géint d'Statsbeamte war an och ni géint d'Statsbeamte wäert sinn an och ni d'Statsbeamte bekämpfe wäert. An deejéinegen, deen de Contraire hei behaapte wëllt, deen huet eis ganz schlecht verstanen.

***(Hilarité et brouhaha générale)***

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Här President, den Här Huss huet eng Fro.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här Colombera, Dir hutt an Ärem Privatschoulmodell gesot wat d'Enseignanten do verdénge sollten an Dir hutt och gesot do misst eng Obligation de résultat dann do sinn. Sidd Der der Meenung, dass dat och fir en Dokter sollt de Fall sinn, dass hien nëmmen dann eppes verdéngt, wann eng Obligation de résultat do ass? Dir sidd jo an där Professioun!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …, Här Huss, och fir d'Deputéiert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Do sinn ech dofir, mä, Här Colombera, wann Der vun den Enseignantë schwätzt, sidd Der och der Meenung, dass dann datselwecht misst ugewannt gi fir d'Dokteren? Dir sidd jo…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Beim Dokter ass de Choix fräi. Dir musst net méi hannescht goen.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här Huss, hei schwätze mer iwwert d'Schoul, mä ech kann Iech awer elo direkt eng Äntwert ginn. Dir wësst jo, ech sinn en alternativen Dokter an ech wäert en neie Gesondheetsmodell presentéieren an nächster Zukunft. Ech mengen, ech setze mech duerfir an, dass den Dokter och muss Resultater kréien.

***(Interruption)***

Ech wëll dat elo net gären hei erklären, mä ech si mat Ärer Approche d'accord. En Dokter, deen näischt bréngt, dee soll och net bezuelt ginn.

***(Interruption)***

Et ass an der Rei.

Fir elo hei weiderzefueren. Mir hunn näischt dergéint, dass d'Schoulpersonal hei a Lëtzebuerg ganz vill Sue verdéngt, mä mir wëlle gären eng Obligation de résultat a mir wëllen net, dass eis Kanner an Europa déi lescht Nickië sinn.

***(Hilarité générale)***

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Fait personnel!

***(Hilarité)***

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här Bettendorf, dat war net fir Iech geduecht.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här Colombera, mir si Frënn. Ech huelen dat doten net esou genau.

M. Jean Colombera *(ADR).*- De Prozentsaz vun de Schüler, déi a Privatschoule ginn, ass mëttlerweil op 11,2% gestiegen a wäert an Zukunft nach klammen, wann de Stat déiselwecht Konditiounen ubidde wäert.

D'Argumentatioun, dass d'Privatschoulen nëmme fir besser Leit geduecht sinn, ass net richteg. D'Statistike beweisen de Contraire. D'Madame Durdu an den Här Meisch hunn dat schonn hei zitéiert. D'Privatschoul Marie Consolatrice vun Esch huet 68,54% Schüler déi vun Aarbechterfamilljen hierkommen an 38,61% Ausländer. D'Privatschoul Sainte Anne vun Ettelbréck huet 56,33% Schüler vun Aarbechterfamilljen an 32,44% Ausländer. D'Privatschoul Fieldgen huet 39% Aarbechterkanner an 28,20% Ausländer.

De Minerval, deen all Schüler bezuele muss, läit zwëschent 297 Euro an 350 Euro pro Joer an dëse sougenannten „Nonneschoulen". Mir gesinn also, dass mir guer kee Grond hu fir hei eng Zweeklassegesellschaft ze fäerten. Verschidde Leit sollten et sech zweemol iwwerleeë wat se soen, wa se öffentlech géint Kongregatiounsschoulen oder vulgär gesot géint Nonneschoulen zu Feld zéien.

***(M. Jean Asselborn prend la Présidence)***

Wat déi aner Privatschoulen ugeet, déi net de lëtzebuergesche Programm tel quel ubidde wéi dat vum Ministère verlaangt gëtt, do gesi mir awer, dass de Minerval, dat heescht d'Aschreiwungsgebühren, méi substanziell sinn. Esou bezilt een an der Waldorfschoul 2.230 Euro pro Joer, dat heescht ongeféier 7.500 al Lëtzebuerger Frang pro Mount. An den internationale Schoule kann d'Gebühr bis zu 15.000 Euro pro Joer goen.

Wann de Stat dës international Schoule finanziell ënnerstëtzt, da gëtt dëse Minerval drastesch gesenkt fir jidderengem d'Méiglechkeet ze ginn och an esou Schoulen ze goen. Et wier also kontraproduktiv, dass bei enger Ënnerstëtzung duerch de Stat d'Privatschoule sech eng gëllen Nues opbaue kéinten. Dat muss een awer als klore Message deene Responsablen iwwermëttelen.

Zum Schluss wéilt ech nach en Amendement zum Artikel 16 eraginn, esou wéi dat vun der Waldorfschoul proposéiert gouf, Här President.

***Amendement 1***

*L'article 16 est amendé comme suit:*

*Pour pouvoir bénéficier au titre de la présente loi d'une contribution de l'Etat, l'établissement privé doit remplir les conditions énoncées au présent titre II, ou bien tout en appliquant un concept pédagogique différent doit respecter les normes de l'enseignement luxembourgeois, enseigner toutes les matières prescrites par le plan d'études du secondaire général, préparer les élèves à un diplôme de fin d'études secondaires officiellement reconnu au Luxembourg et en général dispenser un enseignement tel qu'il est défini à l'article 17 alinéa e) de la présente loi en utilisant les langues d'enseignement obligatoires, employer des enseignants justifiant d'une formation et d'une qualification reconnues par les pays de l'OCDE et conclure le contrat prévu à l'article 22 de la présente loi.*

*(s.) Jean Colombera, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

De Stat soll deene verschiddene Schoulen eng gewëssen Autonomie zougestoen, egal mat welche pedagogesche Mëttele geschafft gëtt, Haaptsaach ënnert dem Strich kënnt datselwecht eraus.

Mir wäerten als ADR dëse Projet matstëmmen, an der Hoffnung dass an Zukunft vu staatlecher Säit aus all Privatschoul gläich behandelt gëtt fir eng gesond Konkurrenz zwëschent der öffentlecher Schoul an der privater Schoul ze garantéieren. Mir mengen, datt bei dësem Gesetzesprojet d'Suen net muttwëlleg zur Fënster erausgehäit ginn, mä datt se eng nëtzlech Uwendung fannen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Colombera. Den nächste Riedner ass den Här Garcia.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng wäerten dësem Gesetz net zoustëmmen. Säit deene kuerzen 20 Joer, wou et eis gëtt, hu mir eis ëmmer jee no Interpretatioun fir d'öffentlech Schoul als Ecole unique oder als Regelschoul agesat. Mir sinn ëmmer duerfir agetratt d'Relioun aus der Schoul ze huelen, well et eng Privatsaach ass, a mir kënnen natierlech och net reliéis motivéiert Schoulen ënnerstëtzen. Mir hunn och ëmmer refuséiert Eliteschoulen e Sukkurs ze ginn. Schoulen, déi eng bestëmmten ideologesch oder politesch Ideologie verbreeden an déi da solle vum Stat ënnerstëtzt ginn. Dat war ni eis Affär!

Mir gesinn och net an, dass Schoulen, déi deeselwechte Programm wéi déi öffentlech-rechtlech Schoule maachen, vum Budget vum Stat oder vun de Gemengen an engem héije Mooss subventionéiert ginn.

Déi grondsätzlech Positioun léisst natierlech Nuancen zou an ech géif éischter soen, dass mir weiderhi fir d'öffentlech Schoul als Regelschoul antrieden, wat net ausschléisst, dass een niewent der Regelschoul kann Nische vun alternative Schoulugebueder ënnerstëtzen. Ech wëll do e puer Beispiller nennen.

Éischtens reformpedagogesch Schoulen, déi aner Programmer a Methoden hunn, awer op datselwecht Zil vun Ofschlëss hischaffen an net enger Elite vu Schüler virbehale sinn. D'Beispill vun der Waldorfschoul ass jo hei schonn zitéiert ginn. Mir hunn och schonn ëmmer begréisst, wann d'Waldorfschoul gehollef krut fir iwwert d'Ronnen ze kommen, och wann hir reformpedagogesch Usätz ons méi sympathesch si wéi verschidde vun hiren ideologesche Wuerzelen.

Dofir hätte mir och éischter begréisst, datt d'Waldorf-Schoul an aner Schoulen ähnlecher Natur mat därselwechter Generositéit begléckt gi wäre wéi déi privat Variant vun der öffentlecher Mainstream-schoul. Et ass natierlech net un eis,

vu datt mir d'Gesetz net stëmmen, fir hei een Amendement eranzebréngen, mä ech kann awer elo schonn déclaréieren, sous réserve datt ech d'Amendementer vum Här Colombera net gelies hunn, wann et awer an déi Richtung geet wéi d'Waldorf-Schoul dat gefrot huet, a wat och an der Kommissioun virlong, awer aus Zäitgrënn net méi konnt berücksichtegt ginn, datt mir d'Amendementer dann och stëmmen.

Zweet Beispill si richteg alternativ Schoulen, déi net nëmme mat anere Programmer a Methoden operéieren, mä och aner Finalitéiten hunn, quitte datt se mussen um Buedem vun der Verfassung stoen an net géint den Ordre public verstoussen. De Moment gëtt et zu Lëtzebuerg keng esou eng Initiativ. An den 80er Joren, hunn ech mech erënnert, gouf et esou eng Initiativ hei zu Lëtzebuerg, d'A.s.b.l. Wibeldewapp, déi méi eng radikal Alternativ zu der öffentlecher Schoul wollt opbauen. Doranner ware ganz vill Enseignanten aus der öffentlecher Schoul engagéiert, …

- Ech hunn esouguer festgestallt, datt ech Trésorier dovunner war ufanks den 80er Joren. Si ass awer net dowéinst agaangen. -

***(Hilarité)***

…wat drop hindeit datt d'Enstoe vun Alternativschoule vill mat den Defiziter vun der öffentlecher Schoul ze dinn hat an ze dinn huet.

Doniewent gëtt et och spezial Schoulariichtungen, déi Hausaufgabenhëllef, Sonderpädagogik, zilgruppenorientéiert Ugeboter offréieren, déi d'öffentlech Schoul offensichtlech net ëmmer kann oder wëllt ubidden. Zum Beispill, a menger Gemeng, wou sech déi Verantwortlech gären als Défenseur vun der Ecole publique profiléieren, huet missen op eng däitsch Privatinitiativ zréckgegraff gi fir Hausaufgabenhëllef am Primaire ze assuréieren. Quitte datt ech déi Initiativ gutt fannen, wëll ech dat awer hei gesot hunn, well ech sinn nämlech der Meenung datt Hausaufgabenhëllef vun der öffentlecher Schoul misst ugebuede ginn.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Et gëtt och wirtschaftlech a politesch bedéngte Sonderfäll, déi aus dem spezifesche wirtschaftlechen a multikulturelle Kontext zu Lëtzebuerg bedéngt sinn, zum Beispill d'Europaschoul, Sprooche spezifesch Schoulen, den Institut Emile Metz. Hei muss ech awer och soen, datt verschidde finanziell Fuerderungen, déi a leschter Zäit an engem Leserbrief vun deene Schoule formuléiert gi sinn, fir nach méi staark finanzéiert ze ginn, datt ech déi éischter géif awer an den Zoustännegkeetsberäich vun der Wirtschaftsförderung usiedele wéi an dee vun den öffentleche Bildungsaufgaben, déi awer sollen éischter zentréieren op déi spezifesch Aufgabe vun der öffentlecher Schoul zu Lëtzebuerg.

A la limite kéint ech mer e Subventionnement virstelle vu Weiderbildungsariichtungen an Owesschoulen. Menger privater Meenung no kéinten dat och reliéis orientéierter sinn, insofern se pluralistesch orientéiert sinn. Kathoulesch, marxistesch oder anarchistesch, mir ass dat egal. Ech fannen esou Weiderbildungsariichtunge gehéieren einfach zu dem Optrag vun der Öffentlechkeet fir sozial a kulturell Initiativen ze ënnerstëtzen.

Déi nuancéiert Haltung, déi mir zu den net öffentleche Schoulen hunn, ass bei eis net esou nei wéi bei anere Parteien, an dofir zitéieren ech kuerz aus eisem Grondsazprogramm vum November 1998. - Ech muss awer mäi Brëll huelen, fir dat Klenggedréckten an deene Parteiprogrammer ze liesen. - „Défenseur de l'école publique, les Verts estiment que celle-ci, accessible à tous et toutes, doit être la règle dans notre pays. Mais il doit s'agir d'une école publique qui réussit mieux à assumer ses responsabilités et qui garantit le droit à la différence, tout comme le brassage et les origines nationales différentes de toutes les couches sociales."

A weider heescht et dann: „Voilà pourquoi à l'heure actuelle les Verts ne s'opposent pas à une aide ciblée de l'Etat et des communes à des écoles alternatives, extérieures au cadre de l'école publique proprement dite, à condition que ces dernières ne se trouvent pas placées sous la tutelle d'une confession ou d'une idéologie contraire aux droits de la personne humaine, fut elle cachée, et que leur offre s'adresse à toutes les couches de la population, et que leur objectif ne soit pas la formation d'une élite."

Dat ass also eng Positioun mat där den Här Zeches de Geck gemaach huet, wéi se vun enger anerer Partei an engem ähnleche Mooss iwwerholl ginn ass, mä mir hunn awer net misse Slalom fueren, well mir haten déi Meenung schonn am Joer 1998. Mir begréissen datt d'LSAP op eis Positioun ageschwenkt ass, well mir fannen dat eng bësse méi konstruktiv Haltung, wéi elo géint Privatschoulen ze maueren.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Déi eng däerfen an déi aner däerfen net eng Privatschoul opmaachen.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Ech kommen nach dozou. Trotzdeem ass och fir ons dës Diskussioun iwwert d'Privatschoul net evident. Ech hunn en onangenehmt Gefill. Den Här Wiseler huet et scho gesot, halbhäerzeg hätt ech do ënnerschriwwen. Ech muss déi verschidde Grënn hei erläutere, well dat sinn net nëmme meng Privatgrënn, mä och déi vu menger Partei.

Éischtens: Trotz alle weltanschauleche Certitudë sinn déi Fronten an der Diskussioun net ëmmer esou kloer. Och an der Front vun de lautstarken Défenseurë vun der Ecole publique fanne sech déi eng oder aner Elteren, déi hir Kanner hu missen an déi Privatschoule schécken, sief et aus sproochlechen oder aus anere Grënn, sief et einfach well d'öffentlech Schoul hire komplexe familiäre Situatiounen net méi gerecht gëtt.

Zweetens: Och muss ee festhalen, datt déi Lëtzebuerger konfessionell Schoulen am Géigesaz zu ville Situatiounen am Ausland alles aneschters si wéi Eliteschoulen. Et si statistesch gesinn net méi Kanner aus iewechte soziale Schichten, mä au contraire oft vill Ressortissanten aus portugisesche Familljen an aus Aarbechterfamilljen. Mir sinn also wäit ewech vun der Situatioun an anere Länner, wou déi öffentlech Schoule materiell esou schlecht dotéiert sinn, datt déi gutt betuchten Elteren hir Kanner an d'Privatschoule schécken, während déi aner an de marode Gebaier vu skandaléis ënnerbezueltem Personal enseignéiert ginn.

Dréttens: Ouni wëllen den ideologeschen Afloss vum Katholizismus zu Lëtzebuerg ze verharmlosen, dee jo seng Muecht an enger Zäit vun ondemokrateschen autoritairë Strukture baséiert huet an ni vun enger Treuhandgesellschaft demokratiséiert ginn ass, muss een awer feststellen, datt zumindest an de leschte Jorzéngte kaum een oder eent psychesch oder sozial Schied aus der Erzéiung an enger Privatschoul dervu gedroen huet. Jiddefalls net méi wéi aus der öffentlecher Schoul.

Am Géigendeel, wann d'portugisesch Meedercher um Fieldgen duerch intensiven Däitschunterricht méi wäit komme wéi wa se an der Ecole publique gewiescht wären, dann ass dat éischter fir si eng positiv Experienz. An ech muss kurioserweis och zréckbehalen, datt an deem Milieu, wou ech operéieren, an deem vun engagéierte Leit a vun ONGen, een ëmmer erëm feststelle muss, datt besonnesch vill engagéiert Fraen engem iergendwann duerleeën, datt si an der Sophie oder um Fieldgen an d'Schoul gaange sinn. Déi Schoule sinn also net eleng eng Pépinière fir d'CSV, mä och fir e breet engagéierte Milieu, net nëmmen an dem reliéise mä och an anere Beräicher, an et wär vläicht eng wëssentschaftlech Etüd wäert ze analyséieren, ob et do gewësse Corrélatiounen zwëschent där Erzéiung do an dem spéideren Engagement gëtt.

Véiertens: Och den Taux vu Finanzéierung vun 80% géif an anere Länner kee vum Hocker rappen. Ech erwähnen zum Beispill, datt am Land Nordrhein-Westfalen, dat säit dem Krich sozialdemokratesch regéiert gëtt, konfessionell Privatschoulen zu 98% subventionéiert ginn.

Fënnefstens: Während de leschte Jorzéngte waren d'Privatschoulen am grenznoen Ausland awer och hei Heem en Echapatoire fir Problemer, déi d'öffentlech Schoul net konnt an zum Deel net wollt léisen. Well, Hand op d'Häerz, et war esouwuel fir d'Direktioune wéi och fir vill Enseignanten oft ganz bequem fir déi eng oder aner Schüler a Schülerinne vun der Bildfläch verschwannen ze loossen, wann ee sech a senger Schoul keng Gedanken huet misse maachen iwwer para- a périscolaire Aktivitéiten, iwwer Cours d'appui an iwwer Internatsstrukturen.

Sechstens: Et geet och ëm d'Verhältnisméissegkeet vun de Mëttelen. Ech hätt do wierklech e schlecht Gefill, wann ech hei mam B52 op d'Stellunge vun de kathoulesche Privatschoule lass géif goen a wann ech gläichzäiteg am Hannergrond d'Stalinuergele vun der AGCS an de Marschbefehl vun der WTO an den transnationale Service-Konzerner fir d'Iwwernahm vun öffentleche sozialen Déngschtleeschtungen héieren. Well wat sinn déi puer harmlos Nönnercher a Laienapostelen an de biedere Lëtzebuerger Privatschoule géint d'Gefor vun der Dereguléierung vum Service public am Enseignement, vun der Invasioun vu Franchise-Ketten an der Hand vun transnationale Konzerner, och wa Lëtzebuerg, dank senger gudder finanzieller Situatioun, dovunner nach net betraff ass. Well trotz Beschwichtegunge vum Här Lamy a Konsorten ass déi Gefor méi wéi real. A ville Länner sti se bereet oder si schonn derbäi vun der mieser Situatioun vun den öffentleche Finanzen ze profitéieren an hiert trojanescht Schoulpäerd eranzerullen.

Ech wëll elo eng Anekdot verzielen, déi eis d'Schoulléierin vun der Helene Lange Schule erzielt huet, wéi erauskomm ass, datt si déi Bescht am PISA-Test waren als eng öffentlech Schoul, als eng integréiert Gesamtschoul. Si krut telefonéiert vun engem transnationalen Déngschtleeschtungskonzern, wa si géif hiren Numm fir hir Ketten hierginn, kéint se ganz vill Sue verdéngen, well si wären amgaang, haaptsächlech am Oste vun Däitschland, wou d'Kommunen ënnert ganz schreckleche finanzielle Problemer leiden, fir do en Netz vu Privatschoulen opzebauen, a fir vill Kommune wär et vläicht méi interessant fir Minervalen ze bezuele fir net gutt betuchten Elteren, wéi datt se misste fir eng ganz Schoul opkommen. Also et ass eng reell Gefor, déi an deem dote Beispill scho wierklech drastesch illustréiert gëtt.

Siwente Punkt: Et ass och fir mech perséinlech, och fir anerer, relativ onbequem, wann een als Défenseur vun der öffentlecher Schoul muss Rechnung driwwer ofleeën, datt vill Enseignanten an de Privatschoulen, trotz méi précairem Statut, trotz manner Rémunératioun, trotz der Tatsaach, datt een Deel vun hinnen, bon gré, mal gré, do gelannt sinn, well se an der öffentlecher Schoul net ukoumen, anscheinend sech an engem vill méi héije Mooss mat hirer Schoul identifizéieren. A wann ech de Privatschoulen däerf gleewen, da brauch ee bei hinnen d'Enseignanten net ze zwéngen u pedagogesch motivéierte Conférences plénières deelzehuelen, Fächer a klasseniwwergräifend Concertatiounen ze organiséieren, Weiderbildung ze maachen a mat de Kanner un Offeren ausserhalb vun der Schoul deelzehuelen. Wat leider an der öffentlecher Schoul net ëmmer esou evident schéngt.

Ech ka mech op jidde Fall erënneren, datt ech als Responsabele vum Centre d'Information Tiers Monde - a menger Jugend - bei all Rentrée scolaire eng Circulaire un all Schoule geschéckt hunn, un all Lycéeën, fir d'Enseignanten driwwer ze informéieren, datt ee bei ons kéint Bicher a pedagogescht Material iwwert d'Drëttwelt ausléinen. Abee, wa proportionell esouvill Enseignanten, Schüler a Schülerinnen aus de staatleche Lycéeë bei ons komm wäre wéi aus deene puer Privatschoulen, hätte mir séier missten e puer Stäck an e puer Bibliothécairen ausbauen. Ech wëll awer net verallgemengeren, well mir kruten och ganz vill Clienten aus den öffentleche Schoulen.

Ech hoffen, datt dat net dorunner läit, datt de Statut vun den Enseignanten do méi prekär ass. Dat wär nämlech Waasser op d'Mille vun deene Leit, déi esou e Statut och fir déi öffentlech Schoul reklaméieren, an déi sëtzen net nëmmen heibannen um rietse Bord, mä esouguer a bundesdäitsche Länner mat ganz ënnerschiddleche Koalitiounen. Allerdéngs weist Skandinavien, datt een och ka mat Fonctionnairen an der Schoul pedagogesch Autonomie an Innovatioun duerchzéien. D'Léisung vum Problem läit also wahrscheinlech net an der Ännerung vum Statut vun den Enseignanten, mä an der Ännerung vum Statut vun de Schoulen. An et gesäit een elo wéi zaghaft ugefaange gëtt, datt verschidde Schoulen zu Lëtzebuerg hire Statut opmaachen, datt do och eng ähnlech Schoulkultur am Opbau ass, an datt och e Phenomeen vu pedagogescher Dynamik ze spieren ass.

Fazit vun deenen Iwwerleeungen: Privatschoulen halen also der öffentlecher Schoul de Spigel vir, an amplaz mat Steng an de Spigel ze schéissen, wären d'Défenseure vun der Ecole publique gutt beroden, fir d'éischt d'Dunn an hirem A ze schläifen ier se d'Spläiter an den Ae vun der Privatschoul maltraitéieren.

Nach eng Kéier, trotz allen Nuancen, déi ech wollt an ons Haltung erabréngen, ännert dat awer näischt un eiser grondleeënder Analys. Mir mengen, datt d'kathoulesch Privatschoul zu Lëtzebuerg net supplementar mä komplementar zu der öffentlecher Schoul soll sinn. D'Demande vun den Eltere kënnt net aus weltanschaulechen, reliéisen oder bildungstheoretesche Grënn, mä aus prakteschen organisatoresche Grënn. D'Eltere wielen am grousse Ganzen d'Privatschoule wéinst hirem Plus un Ugebuet, dat hire familiäre Convenancen entgéint kënnt, an net well se eng reliéis duerchtränkten Erzéiung fir hir Kanner wënschen. Déi Offer ass also net supplementar zum Optrag vun der öffentlecher Schoul, mä komplementar zu där hiren Defiziter.

Also ass dës Diskussioun vun haut den Nomëtteg an éischter Linn keng Diskussioun iwwert d'Privatschoulen, mä eng iwwert d'öffentlech Schoul. An ech muss soen, eis Léisung, déi mer schonn ëmmer prekoniséiert hunn, ass natierlech e bëssen naiv. Wann ee seet, wann d'öffentlech Schoul déiselwecht supplementar Offere bidd wéi déi Privat an iwwer ähnlech Autonomie verfügt, da ginn déi meescht Privatschoulen entweder iwwerflëssig oder et kënnt zumindest zu enger gesonder équilibréierter Konkurrenz. Dat kléngt natierlech ganz plausibel an domat ass ee gemittlech aus dem Schneider. Et muss een awer trotzdeem kritesch an och selbstkritesch hannerfroen, firwat dat an deene leschten 20 Joer dann net geschitt ass a firwat den Undeel vun de Schüler a Schülerinnen an de Privatschoule mat iwwer 10% awer e relativ bedenkleche Seuil erreecht huet.

Keng vun deenen dräi grousse Parteien um Rudder, huet d'Rudder am Kurs vun der öffentlecher Schoul ëmgedréint. Ech fänken u bei der CSV. Et ass natierlech net an hirem ideologeschen Intérêt fir hire „kathoulesche Schoulen" d'Waasser ofzegruewen. Am Géigendeel, si hunn och reformpedagesch Usätz wéi d'Modeller vun Diddeleng a Péiteng konsequent ausgedréchent, déi hätte kënnen zu enger erweiderter Offer vu Schülerbetreiung féieren.

Une voix.- Très bien!

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- An dann d'DP: Hire Bildungsspezialist huet an hirem Numm déck Bake gemaach an der leschter Legislaturperiod als Berger des agneaux laïques an elo musse si awer beim Privatschoulgesetz net nëmme Massendénger, mä esouguer Laienapostel spillen.

An zu der LSAP: Ech ka mech erënneren, datt si bei hirem Retour un d'Muecht am Joer 1984 sech relativ wéineg ëm d'Educatioun gekëmmert huet an an deene 15 Joer Ministrantentum am Hochamt vun der CSV hunn ech och relativ wéineg Initiative matkritt a Richtung Erweiderung vum Aufgabeberäich vun der öffentlecher Schoul, ausser der mechanescher Fuerderung no engem öffentlechen Internat, dat awer nach ëmmer net gebaut ass.

Ech muss awer och selbstkritesch mat eis an d'Geriicht goen, well säit 20 Joer, déi et eis gëtt, hu mir och eis ze vill op de Kärberäich vun der öffentlecher Schoul konzentréiert. Sécher, mir hunn ëmmer gesot, d'Schoul misst méi intensiv op déi Problemer vu Migranten- a vun Aarbechterkanner agoen. Mä et muss ee soen, eréischt wéi d'Lëtzebuerger Mëttelschichtelteren op d'Barrikade geklomme sinn, well se Schwieregkeeten hate mat der Kompatibilitéit vu Beruffstätegkeet a Kannererzéiung, ass eréischt d'ganzt Land an d'Euphorie vun de Structures d'accueil geroden.

Mir haten zwar scho ganz fréi, méi fréi wéi déi aner, déi Thematik an d'Diskussioun bruecht, mä d'Migrantekanner an d'Migrantenelteren haten déi Problemer scho säit 30 Joer an do hunn net vill Grénger, Bloer oder Schwaarzer oder Rouder duerno gekréint. Wat zwar „ëmmer erëm op en Neits d'Noutwendegkeet vum Droit de vote um nationalen Niveau vun deene Bierger a Biergerinnen ënnersträicht".

Dorfir ass de Succès vun de Privatschoulen zugläich e Constat d'échec fir d'öffentlech Schoul. Wann d'Vertrieder an d'Vertriederinne vun de konfessionelle Privatschoule bei ons an d'Fraktioun kommen, wéi an déi aner Fraktiounen och, fir e Gedankenaustausch iwwer hir pedagogesch Praxis, a wann dann tëschent hiren an onse Virstellungen iwwert d'Bildungsreform emol dat berühmte Lëschblat net méi passt, während esouguer mat ideologesch méi verschwësterte Lobbye méi grouss Divergenze bestinn, da muss ee sech och als Défenseur vun der öffentlecher Schoul Froe stellen. Dorfir ass ons Virstellung vun der schrëttweiser Unnäherung vun den öffentlechen an de private Schoule vläicht nach weiderhin naiv - dat ginn ech och zou -, mä fir ons weiderhin déi eenzeg konsistent Approche.

An onsen Ae muss e konsequenten a rapiden Opbau vun enger ähnlecher Schoulkultur an der öffentle-

cher Schoul stattfannen, déi opbaut op Innovatioun a pedagogesch Autonomie, an dat ass fir eis och déi eenzeg plausibel Léisung fir dee Malaise tëschent deenen zwee Schoultypen. Allerdéngs muss ee feststellen, datt esouwuel an deenen Avant-projets iwwert d'Autonomie vun de Gebaier wéi och an den Documents d'orientation vum MEN, wou gewëssen Usätz ze spiere sinn, déi konsequent an onmëssverständlech Definitioun vun där pedagogescher Autonomie nach wäitgehend feelt. Vläicht ass et och méi wichteg déi Autonomie an der Praxis ëmzesetzen amplaz se op Pabeier festzehalen, dee bekanntlech gedëlleg ass.

Et muss ee soen, datt déi meescht Parteien heibannen eng gewësse Frilositéit mat der Autonomie haten, well et gouf ëmmer d'Angscht vun der schläichender Privatiséierung héichgehalen a mir selwer hunn dat och ëmmer eigentlech gefäert. Mir hunn awer schonn 1997/98 Motiounen hei erabruecht iwwert d'pedagogesch Autonomie, déi net ëmmer ugeholl gi sinn, deelweis si se ugeholl ginn. Beim Lycée Josy Barthel ass se ugeholl ginn an ech kann dofir soen, datt déi Fuerderung, déi mir elo haut erhiewen, also keng nei ass, well mir sinn der Meenung datt de Rapport de force tëschent de Privatschoulen an den öffentleche Schoulen nëmme kann doduerch équilibréiert ginn, wann déi 5/6-Finanzéierung, déi d'Privatschoule kréien, enger 5/6-Autonomie fir déi öffentlech Schoulen entgéint gesat gëtt. Eréischt da kann een déi Diskussioun tëschent privaten an öffentleche Schoulen op engem méi sereinen Terrain weiderféieren.

Dofir wëll ech hei zum Schluss vu menger Interventioun eng Motioun déposéieren, déi genau dat fuerdert, nämlech datt deen Defizit, deen déi öffentlech Schoulen am Beräich vun der Autonomie hunn, esou séier wéi méiglech opgehuewe gëtt an datt een dann an den nächste Jore kann zu enger méi équilibréierter an enger gesonder Konkurrenz tëschent deene private Schoulen an den öffentleche Schoule kommen.

Ech soen Iech merci.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- constatant que par le vote du projet de loi 5029, l'écart entre la dotation financière des écoles publiques de l'enseignement postprimaire et des écoles privées sera considérablement réduit;*

*- constatant toutefois que l'écart entre les espaces d'autonomie pédagogique ou administrative dont bénéficient les écoles privées et ceux plus restreints des consoeurs publiques reste toujours important;*

*- soulignant que l'évaluation des résultats de l'étude PISA, notamment dans les pays nordiques, montre qu'un processus d'autonomie nuancée en matière de pratiques pédagogiques et d'autogestion administrative est susceptible d'augmenter la qualité et la diversité de l'enseignement postprimaire dans notre pays;*

*invite le Gouvernement*

*- à revoir les modalités contenues dans l'avant-projet de loi portant organisation des établissements d'enseignement postprimaire, ceci dans l'optique de mettre les écoles publiques sur un pied d'équité en matière d'autonomie scolaire avec les écoles privées;*

*- à affiner notamment les dispositions relatives au rôle de la direction, aux responsabilités des différentes instances de cogestion, aux activités pédagogiques autonomes et aux offres d'activités parascolaires.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Déi gratis öffentlech Schoul, déi jo an eiser Verfassung steet - d'Privatschoule stinn net dran, dat huet schonn ee vu menge Virriedner hei bemierkt -, ass an der Geschicht erkämpft ginn. Si huet de gläichen Zougank vun alle Kanner aus alle soziale Milieuen zur Bildung an domat zum Wëssen erméiglecht, zu enger Zäit wou dat nach guer net esou evident war.

D'öffentlech Schoul ass och de Garant, datt d'Kanner net opgedeelt ginn no konfessionellen oder ideologesche Kritären. Privatschoule sinn entstanen, dat ass am Fong geholl ganz einfach ze erklären, well d'kathoulesch Kierch am schoulesche Beräich, grad wéi se dat och mécht am sozialen oder medezinesche Secteur, eng staark symbolesch Presenz wëllt markéieren, grad do wou d'Mentalitéite gepräegt ginn, an och zum Beispill am soziale Beräich, wou gewësse Bedürfnisser besti fir Bäistand an Trouscht ze kréien.

Et ass och esou, datt bewosst gewësse staatlech Strukturen an Infrastrukturen net entwéckelt gi sinn, fir esou am private Schoulberäich Fräiraim ze schafen. Zum Beispill d'Internater, zum Beispill aner Virzich, déi hei genannt gi si vu méi Befaasse konkret mat de Problemer vun eenzelne Schüler, wann et sech ëm Auslännerkanner handelt, ëm sproochlech Betreiung an esou weider.

D'Argument, d'Privatschoule géife jo den öffentleche Schoulprogramm enseignéieren an hätten um Niveau vun de Schüler, déi do dra ginn, eng relativ équilibréiert sozial Zesummesetzung, si hätten och eng équilibréiert national Zesummesetzung, ech fannen dat Argument, wat gebraucht gëtt fir Privatschoulen ze rechtfertegen, ass just en Argument, wat an d'Géigerichtung weist. Well, wa se den öffentleche Schoule gläiche wéi eng Drëps Waasser där anerer, da bleift jo nach eng eenzeg Rechtfertegung fir hiert Bestoen, dat ass hir Charakteristik als kathoulesch Schoul.

An ech froe mech firwat de Stat grad elo an dëser Zäit och nach déi Schoule soll quasi integral finanzéieren, wou grad am öffentleche Schoulsecteur e ganz groussen Nohuelbedarf besteet, wou vill Kanner a Containere sinn, wou grad bei deene Kanner, déi et an der öffentlecher Schoul am néidegsten hätten, déi Kanner déi an de Modulaire ginn, déi an de Complémentaire ginn, an esou weider, grad do déplorabel Bedingunge virherrschen an deene Gebaier, wou déi Kanner musse goen.

An ech mengen déi richteg Iwwerleeung misst eigentlech déi si fir ze soen, wa mer schonn an enger Zäit si wou et esou grouss Besoinë gëtt, da loosst mer déi Privatschoule mat hire Capacitéiten, déi se hunn, integréieren an d'öffentlech Schoul.

Ech hunn esou en Argument elo hei nach vu kengem héieren. Et gouf emol Zäiten, do war esouguer en CSV-Educatiounsminister därselwechter Meenung. De Jean Dupong huet 1974 e Gesetzesprojet eraginn iwwert d'Integratioun oder iwwert déi wäitgehend Integratioun vun de Privatschoulen an d'öffentlech Schoul. Ech muss soen, wann ech dat liese wat do dra steet iwwert d'Begrënnung dovunner, dann huet dee Mann vill méi geduecht un d'Land wéi eventuell u seng politesch Hierkunftsfamill. Ech wëll emol e puer Saachen aus deem interessante Gesetzesprojet hei zitéieren. An deem Projet, dee mer hei virleien hunn, steet de Géigendeel.

Am Exposé des motifs huet den Här Dupong deemools schreiwe gelooss: „L'évolution de notre système d'enseignement a de plus en plus mis en évidence les tâches immenses qu'il reste à accomplir, pour assurer l'avenir de notre pays. Il s'en dégage le contexte nouveau dans lequel il convient de situer la vieille question des relations entre l'Etat et les établissements d'enseignement privés. En effet, les difficultés à la fois nombreuses et complexes que rencontre aujourd'hui la mise en oeuvre d'une éducation nationale adaptée tant aux besoins de la société actuelle que ceux de la société future, appelle une intégration progressive de tous les efforts susceptibles d'apporter un concours utile au développement et à la modernisation de notre appareil scolaire."

Si mer haut an enger anerer Situatioun, Här President? Als Konklusioun zitt den Här Dupong doraus: „Dans certains types d'enseignement, une intégration progressive de l'enseignement privé dans l'enseignement public doit être favorisée." Dat ass den Objet vun deem Gesetzesprojet gewiescht an e preziséiert dat. E seet och a wat fir enge Beräicher dass dat virrangeg misst geschéien an e seet: „Il est à noter que les contrats d'intégration", déi e wollt aféieren an deem Kontext, „s'adressent seulement aux écoles dispensant un type d'enseignement parallèle à celui dispensé dans l'enseignement public, étant donné que c'est dans ce domaine que l'utilité d'une intégration est la plus manifeste". Also grad do wou d'Privatschoul déiselwecht Servicer ubitt wéi d'öffentlech Schoul. Hei gëtt de Contraire gesot.

An deene Contrats d'intégration, ech zitéieren den Artikel 13 vum Projet de loi vun deemools, steet folgend Formuléierung ënnert dem Titel «Les contrats d'intégration»: «Les dispositions du présent titre ne s'appliquent qu'aux établissements d'enseignements privés dispensant un enseignement collectif correspondant quant à son contenu et ses formes à l'un des types d'enseignement post-primaires du secteur publique». An da ginn opgezielt:

- division inférieure de l'enseignement secondaire,

- division supérieure de l'enseignement secondaire,

- les trois classes inférieures de l'enseignement moyen,

- les deux classes supérieures de l'enseignement moyen,

- les classes de 7e et 8e de l'enseignement technique et professionnel,

- les classes de 9e, 10e et 11e de l'enseignement technique et professionnel,

- les classes de 12e et 13e de l'enseignement technique et professionnel.

Dat heescht, dat wat de wesentleche Bestanddeel vun der öffentlecher Schoul ausmécht huet den Här Dupong gesot deemools, vu dass mer e grousse Besoin un Infrastrukturen hunn, loosst mer déi Privatschoulen zesummeféiere mat deenen öffentleche Schoulen, loosst mer aus deene Privatschoulen öffentlech Schoule maachen.

Dann ass hei geschwat gi vum libre choix vun der Schoul, mat Hiwäis op auslännesch Verfassungen. Ech hu virdru gesot, dass an eiser Verfassung esou eng Méiglechkeet net virgesinn ass, an ech froe mech, wa mer dat do unhuele fir d'kathoulesch Schoul, dass mussen d'Elteren och d'Méiglechkeet hunn hir Kanner an eng kathoulesch Schoul ze schécken, da froen ech mech mat wat fir engem Argument mer dann an Zukunft kënne Kanner vun anere Konfessiounen dovun ofhalen datselwecht fir sech ze froen. Da gi vläicht protestantesch, jüdesch, islamesch Kanner an hir Schoulen an d'öffentlech Schoul gëtt nach e bësse méi ausgehielecht. D'Gesellschaft gëtt dann eng Gesellschaft wou virun allem zielt: Identitéiten, reliéis Identitéiten, Ethnien, Nationalitéiten, vläicht esouguer Korporatiounen oder sozial Beruffsgruppen, déi jiddereng hir Schoul da verlaangt.

Dat heescht, mir féieren alles dat erëm an, wat dee staarken universalisteschen an humanisteschen Impetus vun der franséischer Revolutioun an Europa wäitgehend op d'Säit gedréckt huet. An ech muss soen, géintiwwer esou Perspektive vun esou Schoulen ass mer esouguer den islamesche Foulard an den öffentleche Schoulen als Zeeche vun der kultureller Diversitéit scho bal sympathesch.

***(Interruption diverses)***

Jo, do sidd Der dergéint, mä an Äre Schoulen do gëtt deen anere Foulard gedroen, symbolesch gesinn.

Et ass traureg, Här President, och fannen ech dass alt erëm eng Kéier d'CSV e Koalitiounspartner fonnt huet, …

***(Interruptions diverses)***

…dës Kéier a Persoun vun der DP, déi jo eigentlech eng liberal Partei ass, déi déi Prinzipie vun der franséischer Revolutioun, déi ech virdrun hei vertratt hunn, misst 100%eg ënnerschreiwen, dass grad d'DP dann elo dës Kéier dee Junior-Partner ass vun der CSV, deen dat do dann erëm mat verwierklechen hëlleft.

***(Interruption diverses)***

Wat heescht dat an der Praxis? An der Praxis heescht et, dass dat hei Gesetz zimlech substanziell Erhéijunge virgesäit wat d'Ënnerstëtzung vun de kathoulesche Privatschoulen ugeet. Et kann een an deene verschiddenen Tableauen, déi dem Gesetzesprojet bäileien, ganz genau feststellen ëm wat fir eng Verdueblung quasi vun de Kreditter fir déi Schoulen et sech hei handelt. Dobäi kënnt nach, dass elo och Virschoul- a Primärschoulklasse solle subsidiéiert ginn. Derbäi kënnt och nach e réckwierkend Zréckbezuele mat den Zënse vun den Investitiounen, déi bis elo am Privatsecteur gemaach gi sinn. Et kann ee sech froen, firwat 10 Joer zréck, firwat net 20, 50 oder 100 Joer. Et kann ee jo vläicht bis op d'Schoulgesetz vun 1912 zréckgoen an alles wat duerno gebaut ginn ass finanzéieren.

Nach eng lescht Bemierkung wëll ech maachen zur Gefor vun engem kommerzielle Schoulsecteur. Ech sinn der Meenung, dass déi Gefor de Moment, wéinegstens opgrond vun deem heite Gesetz, net ginn ass, well jo ausdrécklech Trägergesellschafte virgesi sinn, déi mussen Association sans but lucratif sinn, mä fir d'Zukunft ass näischt ofgeséchert.

Den éischte separaten Avis vum Statsrot warnt ausdrécklech virun esou enger Entwécklung andeem e seet: „Enfin, le Conseil d'Etat met solennellement en garde les auteurs du projet devant toute initiative privée tendant à faire de l'enseignement une entreprise à finalité essentiellement lucrative."

Den zweete separaten Avis vum Statsrot seet just de Contraire. E fuerdert dat esouguer, a seet: „N'est-ce pas cette concurrence, ou, mieux encore, l'avènement d'un vrai marché de l'enseignement qui pourrait constituer une alternative efficiente au système étatique rigide dont le coût élevé ne se reflète d'ailleurs guère dans les résultats?"

Ech mengen also dass fir d'Zukunft d'Gefor vu kommerzielle Privatschoulen net aus der Welt geschaaft ass, an dass den Terrain gewëssermoossen duerch dat heite Gesetz preparéiert gëtt, andeem et eng gewëssen Normalitéit hierstellt bei der Gläichstellung tëschent privatem Schoulsecteur an öffentlechem Schoulsecteur.

An ech bedaueren och déi Aussoe vum Här Garcia, dat sinn natierlech déi, déi a senger Verantwortung leien, dee virdrun am Fong geholl e bëssen an déi Richtung plädéiert huet, wéi wann dat jo nëmmen normal wier an dass een dorunner näischt Gréisseres ausenaner ze setzen huet. Ech fäerte just, dass déi Kommerzialiséierung, déi hien zu Recht ugeprangert huet, duerch esou e Gesetz ideologesch an Zukunft preparéiert wäert ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass agedroen d'Madame Ferny Nicklaus-Faber. D'Madame Nicklaus huet d'Wuert.

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, selten huet de schoulpolitesche Projet esou héich Welle geschloe wéi deen iwwert d'Privatschoulen. Grad ewéi uganks den 80er Joren ass d'Diskussioun ronderëm de Finanzement vun de Privatschoule vu polemescher an ondifferenzéierter Stëmmungsmaach begleet ginn.

Eise schoulpolitesche Spriecher, Claude Wiseler, huet kloer Positioun zu dëser Debatt bezunn an de Standpunkt vun der CSV-Fraktioun duergeluecht. Ech fir mäin Deel wëll meng Riedezäit notze fir eng Rei Punkten ze beliichten, déi sech virun allem mat dem Begréff vun der Chancëgläichheet auserneë setzen.

An den Diskussioune vun de leschte Méint ass d'Schlagwuert vun der Chancëgläichheet oft an d'Feld gefouert ginn. Et ass vun enger Zwouklassegesellschaft geschwat ginn, heibannen och scho vill, vum Doudegriewer vun der öffentlecher Schoul, vu Sabotage vum öffentleche Schoulwiesen a vu sozialer Ongerechtegkeet. Mä et ass virun allem dovunner geschwat ginn, datt d'Chancëgläichheet géing mat Féiss getrëppelt ginn. An der Diskussioun ginn dës Begréffer gären a wëllentlech vermëscht. Dobäi gëtt iwwersinn datt een et grad an dëse Froen de Kanner net gerecht mécht, wann een hinnen an hiren Elteren en eenheetlechen Enseignement virsetzt deen d'Individualitéit vun de Kanner verkennt, esou wéi mer dat nach aus den ehemolege sozialistesche Volleksrepublike kennen.

Niewebäi ginn domat fundamental Mënscherechter a Fro gestallt. Ech denken, wa mer de Privatschoulen hëllefen, kann et net sinn, datt d'Politiker als onbaarmhäerzeg Verfechter vun de Privatschoulen ofgestempelt ginn. De Projet, dee mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn, ass eenzeg an eleng den Ausdrock dovunner, datt mer eist Unterrichtswiesen de Mënscherechter e gutt Stéck méi no brénge. An net manner wéi zéng internationalen Texter, wéi beispillsweis an der Mënscherechtskonventioun oder an der internationaler Konventioun vun de Kannerrechter, gëtt de fräie Choix vun der Educatioun proklaméiert a gefuerdert, verbonne mam Recht vun den Elteren hirem Kand déi Ausbildung ze garantéieren, déi si fir richteg fannen.

Et geet also an éischter Linn drëm e pluralistescht Bildungswiesen ze garantéieren, wou d'Elteren an d'Kanner e fräie Choix kënnen treffen. Sozial Ongerechtegkeet besteet dann, wann et eben net méiglech ass fir an engem pluralistesche Bildungswiesen dee Choix ze treffen, deen de Begabunge vun de Kanner am meeschte Rechnung dréit, also da wann eng eesäiteg staatlech Ënnerstëtzung vum öffentleche Bildungswiese mat de Beiträg vun alle Steierzueler déi finanziell Iwwerleeunge beim Choix vun der Schoul an de Vierdergrond drängen.

Deen Text, dee mer haut diskutéieren, kënnt der Chancëgläichheet e

gutt Stéck méi no an dréit ouni Zweifel zu engem faire Qualitéitswettbewerb vun alle Schoule bäi. D'Betounung läit an dësem Fall um Wuert Qualitéit. De wirtschaftleche Wettbewerb an eng ze grouss maartorientéiéiert Approche dierfen an eisem Bildungswiesen net lwwerhand huelen.

Den Appel fir eng öffentlech Schoul hieft ervir, datt déi staatlech Schoule sech ëm méi Integratioun vun auslännesche Kanner beméien a virun allem deene Kanner, déi aus méi sozialschwaache Milieuë kommen, an eisem Bildungswiesen eng Chance ginn. Dës Ausso ass plakativ, wëll et ass ze einfach de Privatschoulen ze ënnerstellen, si géifen d'Auslännerkanner lénks leie loossen. Am Géigendeel. Ech wëll nëmmen, an de Claude Wiseler huet et och schonn zitéiert, als Beispill de Projet ALLET um Fieldgen ervirhiewen, dee sech verstäerkt ëm auslännesch Schülerinne këmmert, an dat um Niveau vun dem Däitschunterrecht. Och verdäitlecht e Bléck op d'Statistik, datt de Virworf u Privatschoulen, déi de Programm vun den öffentleche Schoulen ubidden, d'Auslänner ze vernoléissegen, absolut net begrënnt ass.

Esou huet Ste Sophie en Undeel vun 20% Auslännerkanner, Marie-Consolatrice 39%, de Fieldgen 29% an de Lycée technique privé Ste Anne bal en Undeel vu 50% vun Auslänner.

Och déi Schoulen, déi de Programm aus dem staatlechen Enseignement ubidden an trotzdeem a verschiddenen Deelberäicher de gewéinleche pedagogesche Pad verloossen, scheien net virdrun zréck nei Projeten ze initiéieren, déi um integrative Plang vu groussen Notze sinn.

Duerch déi pedagogesch Fräiheet, déi esou Projeten erméiglechen, an duerch de Wettbewerb zwëschent de Schoulen, ass et méiglech de Schüler ënnerschiddlecher Herkunft a Begabung entgéint ze kommen. Doriwwer eraus fänken d'Privatschoulen grad déi Schüler op, déi am staatleche System Schwieregkeeten hunn an déi an de meeschte Fäll aus sozialschwaache Kreeser kommen.

Här President, ech wëll am Kader vu menger Interventioun nach op en éischter historeschen Aspekt hiweisen. Et gëtt een den Androck net lass, datt dës Debatt zu engem regelrechte Feldzuch géint d'Privatschoule mutéiert ass, deen näischt méi mat enger objektiver Ausernanersetzung an dësem Dossier ze dinn huet, well et ass grad am Kontext vun der Chancëgläichheet zwëscht Mann a Fra, wou d'Privatschoule regelrecht Pionéieraarbecht geleescht hunn. D'Schoule wéi beispillsweis Ste Sophie, d'Marie-Consolatrice, de Fieldgen an de Lycée privé Ste Anne zu Ettelbréck hu sech der Educatioun vun de Meedercher verschriwwen.

Schonn am 17. Jorhonnert a bis an d'20. Jorhonnert eran hu sech verschidde Congrégatiounen der Bildung vu jonke Meedercher ugeholl, an dat an enger Zäit wou eng éischter patriarchalesch Gronduerdnung bestanen huet a wou der Ausbildung vun de Meedercher éischter mat Mësstraue begéint gouf.

Et war virun allem d'Ecole privée Ste Sophie, déi sech um Niveau vun der Ausbildung vu jonke Meedercher ervirgedoen huet, a wou d'Originen dovu bis un den Ufank vum 17. Jorhonnert zréckreechen. Am Ufank vum 20. Jorhonnert huet d'Association pour l'intérêt de la femme en éischte Prototyp vun engem Lycée fir jonk Meedercher um Lampertsbierg an d'Liewe geruff. 1911 ass de Stat dunn op de Wee gaange fir regelrecht Meedercherslycéeën ze schafen. Et ass keen Zoufall, datt grad am Zuch vun dësen Entwécklungen och d'Bestriewe gewuess ass, d'Participatioun vun de Fraen am politesche Liewe vun eisem Land duerchzesetzen. Duerch den Zougank zur Bildung, oder vill méi zu enger mat de Jonge gläichwäerteger Bildung, ass den Intérêt bei de Meedercher fir gesellschaftlech a politesch Entwécklungen an eisem wéi och an anere Länner gewuess.

No de legislative Wahlen am Summer 1918 ass eis Verfassung geännert ginn an de 15. Mee 1919 huet d'Parlament d'Reform vun der Constitutioun gestëmmt mat den Dispositiounen zum universelle Wahlrecht fir jiddfer Fra a Mann vum 21. Liewensjoer un. Dës Reform huet déi politesch Landschaft dauerhaft verännert, d'Demokratie grondleeënd gestäerkt an doriwwer eraus d'Jalonë gesat vun der politescher Uerdnung, esou wéi mer se haut an eisem Land kennen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hätt mer gewënscht, datt dës Debatt iwwert de Finanzement vun de Privatschoulen net zu engem polemeschen Opgoss vun der 82er Debatt gefouert hätt. Mat de gläichen Argumenter a mat dem gläichen Eropbeschwiere vun Horrorszenarien, déi gläichzäiteg de potenziellen Ënnergang vum Lëtzebuerger Bildungssystem besigele géifen.

Mir vun der CSV-Fraktioun sinn der Meenung, datt dës Gesetzesvirlag ouni Zweifel zu engem pluralistesche Bildungswiese bäidréit an deem de fräie Choix vum respektive System fir jidderee garantéiert ass.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deem Projet, dee mer haut diskutéieren, hat een den Androck wéi en an der Diskussioun diskutéiert gouf, dass hei wierklech ganz streng sech un d'koalitiounsintern Disziplin gehale ginn ass. Et muss ee soen, dass een och den Androck hat, dass alles tëschent deenen zwou Majoritéitsparteie ganz kloer an däitlech ofgeschwat war. A wa virdrun hei d'Madame Durdu de Koaltiounsprogramm zitéiert huet, hat ech den Androck, dass dës Majoritéit sech awer net un hire Koaltiounsprogramm hält, well an dem Koalitiounsprogramm nämlech kloer steet, dass fir si weiderhin d'öffentlech Schoul eng absolut Prioritéit hätt. Eng Prioritéit fir d'öffentlech Schoul kënne mer an deene leschte Joren an och bei dem Débat vun haut net erkennen.

Mir hunn an der Kommissioun eng Sëtzung gehat nodeem de Projet presentéiert gi war. Mir haten duerno nach eng Sëtzung, wou den Avis vum Conseil d'Etat diskutéiert ginn ass. An direkt nodeem déi dräi Avisë vum Conseil d'Etat virlouchen, huet d'Majoritéit duerchklénge gelooss, dass se mat deem Textvirschlag vum Conseil d'Etat d'accord wier, an dass et eigentlech an der Kommissioun net méi dozou kéint kommen nach e Punkt oder e Komma un deem Text ze änneren. An obwuel dee Projet vun enger DP-Ministerin déposéiert gi war an och verteidegt gëtt, hat ee vun Ufank un den Androck, wéi wann dee Projet voll a ganz an den Hänn vun der CSV gewiescht wier.

D'Positioun vun der CSV an dësem Dossier ass kloer a verständlech. Si ass virdrun och erklärt ginn. Et ass eng Selbstverständlechkeet, dass fir d'CSV dëst Gesetz, wou eng Rei vun zousätzleche Subventioune fir Privatschoulen, an domadder och fir d'kathoulesch Privatschoulen, an de Vierdergrond geréckelt ginn, eng gutt Saach ass, well schlussendlech 80% vun deenen zousätzleche Mëttelen, déi fir d'Privatschoulen zur Verfügung gestallt ginn, fir de Benefiss vun de kathoulesche Privatschoule sinn.

D'Positioun allerdings vun der Demokratescher Partei an dëser Fro ass fir eis eng eenzeg Enttäuschung. Vu Bildungsoffensiv an der öffentlecher Schoul keng Spur. Et ass näischt ze erkennen. Wou bleiwen déi grouss Strukturreformen, déi eigentlech eng Offensiv kennzeechnen? Ausser Positiounspabeieren, Orientatiounsdokumenter zu deene wichtege Reformen, déi noutwenneg sinn, fënnt een ee Joer virun de Wahlen näischt vir. Vu Gesetzesprojeten, déi déi Reforme solle kennzeechnen, ass keng Spur. Domadder mengen ech, dass och d'Ausried vun der Madame Ministerin, fir ze soen dass eigentlech d'Bildungsoffensiv net hei an der Chamber an net mat Gesetzer gemaach gëtt mä um Terrain, keng Gültegkeet huet an och net richteg ass.

Et stellt een awer fest, dass et eng Bildungsoffensiv mat dësem Gesetz fir d'Privatschoule gëtt, eng Offensiv déi wierklech d'Privatschoulen duerch déi zousätzlech Subsiden, déi se kréien, duerch déi zousätzlech Méiglechkeeten am Beräich vun der Autonomie an eng déloyal Konkurrenz vis-à-vis vun der öffentlecher Schoul bréngt.

D'Demokratesch Partei an hir Positioun ze erklären ass schwéier. Et si mer eigentlech véier Ursaachen agefall, déi zu där Positioun do kënnte féieren.

Éischtens déi, dass d'Demokratesch Partei sech vun der CSV an dësem Fall iwwert den Dësch zéie gelooss huet.

Déi zweet Méiglechkeet ass déi, dass et e Kouhandel ass, wéi et schonn 1982 de Fall war, dass d'Demokratesch Partei hei…

***(Interruption)***

…der CSV en Zougeständnis gemaach huet, an am Géigesaz dofir bei vläicht anere Projeten d'Zoustëmmung kritt, wou et virdru méi kritesch war.

Drëtt Méiglechkeet ass déi, dass d'Demokratesch Partei sech wierklech hei wëllt mat un d'Spëtzt vun alleguerten deene setzen, déi weltwäit eng Liberaliséierung an eng Privatiséierung vun dem Unterrichtswiesen ustriewen.

Déi véiert Méiglechkeet ass déi, dass d'Demokratesch Partei heimadden enger Kategorie vu Leit haut an och an Zukunft eng Rei vu Privilegië wëllt ofsécheren, fir de Fall wou d'öffentlech Schoul net hire Qualitéitsusprécher gerecht gëtt, fir sech iwwert de Wee vum Bezuele vun engem Minerval an eng aner Schoul kënnen anzekafen.

Kee vun deenen dote véier Grënn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, rechtferteg eiser Meenung no d'Positioun vun der Demokratescher Partei zu dëser Fro, an à défaut vun deene grousse Strukturreformen, déi noutwenneg sinn, ass dat heite fir eis als LSAP, a mir bleiwen derbäi, e Verrot vun der Demokratescher Partei un der öffentlecher Schoul. An obwuel mer den Androck haten, dass an der Kommissioun et net méiglech war fir zousätzlech Amendementer zu deem Gesetz virzedroen, hu mer eis Kriticken an der Sëtzung vum 26. Mäerz ganz kloer virgedroen. Mir hunn eng Äntwert kritt vun deenen zoustännege Fonctionnairen. Mir hunn eng ganz kuerz Äntwert kritt vun de Majoritéitsvertrieder. Déi Gréng hu sech eigentlech eise Positiounen zu deem Text ralliéiert. Den ADR huet gesot, dass en dee Projet net géing stëmmen.

Ech wéilt op dëser Plaz nach eng Kéier eis zentral Kriticke vis-à-vis vun dësem Projet virdroen.

Mir haten als LSAP vun Ufank un an der Fro vun de Privatschoulen eng ganz kloer Positioun. Mir sinn als Partei ëmmer dofir agetrueden, dass fir eis bei der Schoul d'Chancëgläichheet garantéiert misst sinn an am Vierdergrond stoen, a mir hu gesot, dass fir eis d'Aufgab vun der Schoul déi ass, dass et een Instrument vum sozialen Opstieg soll sinn, een Instrument zum Ausgläich vun der Chancëgläichheet fir jiddereen. Mir hunn eis ëmmer fir eng total ideologiefräi Schoul agesat.

Fir eis als Sozialiste war et kloer, dass deem doten Usproch eleng d'öffentlech Schoul kéint gerecht ginn. D'Positioun vun der LSAP ass an dëser Fro ganz kloer gewiescht an ass se och nach haut. Wa virun 20 Joer et haaptsächlech ëm d'Virmachtstellung vun der Kierch gaangen ass, da muss ee soen dass dee Projet, deen haut diskutéiert gëtt, vill méi grouss Gefore a sech biergt wéi dee Projet vun 1982. En ass, eiser Aschätzung no, op enger Rei vu Punkte vill méi geféierlech.

Déi Privatschoule vun deemools, déi et haut nach gëtt, haten d'Méiglechkeet deene wiesselnde Bedürfnisser vun den Elteren an de Schüler besser gerecht ze gi wéi dat d'Méiglechkeete vun der öffentlecher Schoul waren, mat dem Resultat dass effektiv e gewëssene Prozentsaz - haut sinn et 11,3%, bal 12% vun de Schüler - an deene Privatschoule sinn. Mir vertrieden ëmmer nach d'Meenung als Sozialisten, dass d'Privatschoulen eigentlech eng Exceptioun sollen duerstellen, wa méiglech zäitlech limitéiert.

Fir eis bleift ganz kloer prioritär d'Aufgab vum Stat, d'Schoul an d'Lag ze setzen, fir, d'selwecht wéi d'Privatschoulen, der Flexibilitéit an de wiesselnde Bedürfnisser vun den Elteren an de Kanner gerecht ze ginn. Dass de Stat dat kann, hunn ech an engem oder deem aneren Artikel bewisen. Den Här Wiseler huet mer dat zum Reproche gemaach. Ech wëll awer hei kloer an däitlech soen, dass wann ech Finnland zitéiert hunn, Här Wiseler, wou effektiv nëmmen 3% vun de Kanner a private Schoule sinn, dann hunn ech domadder wëlle soen dass de Stat, wann de politesche Wëllen do ass, esou eng performant Schoul ka maachen, dass d'Leit och do dra ginn an net brauchen op Privatschoulen zréck ze gräifen.

Wann den Här Wiseler hei d'Mënscherechtskonventioun ervirbréngt fir dëse Projet ze rechtfertegen, kann ech dat gären och maachen: „L'Etat dans l'exercice des fonctions qu'il assumera dans le domaine de l'éducation, respectera le droit des parents d'assurer cette éducation conformément à leur conviction religieuse et philosophique". Dat ass ee Saz aus der Mënscherechtskonventioun dee kloer seet, dass déi Educatioun, déi do gemengt ass, déi Educatioun ass, déi d'Elteren de Kanner doheem ginn.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Bei deem Saz jo, bei aneren net. Dir musst ganz zitéieren.

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Den Här Wiseler weess grad esou gutt wéi ech, dass déi Zitater an der Mënscherechtskonventioun eigentlech, wann een et op Däitsch wëllt soen, Verbotsbestëmmunge sinn, déi soen dass de Stat net däerf verhënneren, dass et d'Existenz vun anere Schoule gëtt, mä dass de Stat awer net verpflicht ass an deem dote Mooss d'Privatschoulen ze subventionéieren. Dat steet net an der Mënscherechtskonventioun.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- 14 Länner an der Europäescher Unioun hunn et anescht interpretéiert, Här Zanussi, wéi Dir dat elo maacht.

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Et gëtt eng Rei vun Uerteeler an Décisioune vum europäesche Gerichtshaff prezis an där heiter Matière. Dir kënnt déi noliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis biergt dat heite Gesetz mëttelfristeg eng ganz Rei vu Geforen. Déi Suerge sinn zum Ausdrock bruecht ginn an der Petitioun FGIL, Petitioun déi mir als sozialistesch Fraktioun ënnerstëtzt hu wéi och alleguerten d'Deputéierte vun der grénger Fraktioun, den Här Urbany an och eng Rei vu Membere vun der Demokratescher Partei. Si hunn all déi Petitioun ënnerschriwwen, well se enttäuscht sinn iwwert d'Positioun vun der Demokratescher Partei an där heiter Fro.

Wa mer hei iwwert d'Gefore schwätzen, da läit eng dovunner selbstverständlech fir eis an der Tatsaach, dass dëst Gesetz och elo op de Préscolaire an op de Primaire ausgedehnt gëtt. Domat gëtt eng Rei vu Privatschoule subventionéiert, an et geet fir eis ganz kloer an d'Richtung vun enger totaler Privatiséierung vum Lëtzebuerger Enseignement, eng Privatiséierung selbstverständlech mat staatleche Gelder. Do misst dach awer engem Liberalen d'Schudderen ausgoen, wann een eng Privatiséierung mat staatleche Gelder wëllt maachen. Wann d'Subventioune vun 80% op 90% erhéicht gi bei de Funktionementskäschten, a wann d'Investitiounshëllef nei geschafe gëtt an direkt op 80% gesat gëtt, a wann hei Artikele vu mir zitéiert gi sinn - wéi den Här Wiseler dat frëndlecherweis virdru gemaach huet - wou gesot gëtt, dass eng Gefor besteet, dass et eng Lawin vun zousätzleche Schoule gëtt - dat hate mer och schonn 1982 gesot - mat där Investitiounshëllef vun 80%, Här Wiseler, misst Der jo awer agestoen, dass déi Méiglechkeet an déi Gefor méi grouss si mat dësem Gesetz wéi dat 1982 de Fall war.

An eppes wat keen hei ka bestreiden ass d'Tatsaach, wien dann nach hei am Land zu dëser Zäit mat dësem Gesetz verhënnert, dass eng Gesellschaft, och eng A.s.b.l., sech zesummendeet mat lëtzebuergeschen, auslänneschen oder gemëschten Investisseuren, fir ee ganze Schoulzyklus opzebaue vum Préscolaire iwwert de Primaire zum Secondaire, an e Minerval oder Beiträg ze froen, déi nëmmen eng bestëmmte Kategorie vu Leit hei am Land sech kënne leeschten? Kee méi. Dës Regierung sécherlech net. A mat dësem Gesetz iwwerhaapt keen. Eng grouss Gefor läit dran, dass mat deem heite Gesetz dat dote sech ka maachen, ouni dass dat Gesellschafte musse sinn, déi Gewënn ofwerfen. Déi Méiglechkeet besteet. Dat huet näischt domadden ze dinn, dass mir als Sozialiste géint de Pluralismus sinn, dat huet ledeglech domat ze dinn, dass et eis ganz eescht um Häerz läit, dass d'Chancëgläichheet zu Lëtzebuerg weiderhi garantéiert bleift, dass déi sozial Kohesioun vun der Lëtzebuerger Gesellschaft mat deem heite Gesetz a Gefor ass. Dofir wiere mir eis massiv géint dat heite Gesetz.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Asselborn an aner Riedner hu virdrun den Artikel 23 vun der Verfassung zitéiert, dass den Enseignement soll gratis sinn. An ech deele seng Aschätzung, dass dat heite Gesetz net conforme ass zu der Verfassung.

A wa virdrun ëmmer gesot ginn ass, dass déi Gefor besteet, da muss ee jo ganz kloer soen, dass wann ee wëllt verhënneren, dass et an Zukunft Eliteschoule gëtt, dann hätt ee jo kënnen zum Beispill an d'Gesetz aschreiwen, dass an Zukunft och alleguerten déi Privatschoule sech sollen un déi Prozentsätz vun Auslännerkanner halen, wéi se och an der öffentlecher Schoul sinn. Et hätt ee jo och kënne soen, dass bei de Kanner, déi an de Privatschoule refuséiert ginn, d'Privatschoule musse soen aus wat fir engem Grond se d'Kanner refuséieren. Mol dat ass net fäerdeg bruecht ginn, an d'Gesetz anzeschreiwen.

A wann dann hei ëmmer erëm an de Vierdergrond geréckelt gëtt, dass am Fong d'soziologesch Struktur vun de Kanner an deene bestoende kathoulesche Privat-

schoulen d'selwecht ass wéi déi an der öffentlecher Schoul, dann huet kee vun eis dat bestridden als Sozialisten. Mir hu just gesot, dass eng Gefor besteet an Zukunft dat ze verhënneren. Dofir hu mir ënner anerem déi Kritik an der Kommissioun gemaach a gesot, wann et elo méiglech ass an de private Schoulen déi doten Hétérogénéitéit ze kréien, da kommt mir halen dat als Prinzip fest. Dat war net méiglech.

Wa gesot gëtt an de kathoulesche Privatschoulen ass d'soziologesch Struktur ähnlech wéi an den öffentleche Schoulen, da gëtt awer hei net vun deene Kanner geschwat, déi an der International School sinn, deenen 30. Wéi ass dann do d'soziologesch Struktur vun deenen déi 15.000 Euro oder 12.000 Euro Minerval musse bezuelen? Wéi vill Aarbechterkanner, wéi vill Kanner vu klenge Privatbeamte sinn an där Schoul?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Well déi haut nach net ënnert den Text falen. Dat ass jo awer klor, Här Zanussi. Dir musst et ëmmer ganz soen.

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Ech kommen nach derzou.

Déi Äntwert huet weder den Här Wiseler nach d'Madame Rapportrice ginn, well déi Zuelen lech vläicht net an Är Ideologie, an Äre Krom passen. Mä dat ass awer eng Tatsaach.

Des voix.- Bravo!

***(Interruption)***

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Déi Bemierkung do, déi hunn ech gären iwwerhéiert.

Dann awer zu de Prozentsätz. Effektiv ass et komesch, dass bei deem heite Gesetz de Conseil d'Etat kee Problem domat huet, dass 80% vun den Investissementskäschte réckwierkend zréckbezuelt ginn. Dat ass eppes, wat eis stéiert. Dat bréngt déi Privatschoule selbstverständlech an eng ganz komfortabel finanziell Situatioun a fördert hiren Ausbau. Dat ass eng Retroaktivitéit, déi vum Conseil d'Etat a villen anere Projete contestéiert gouf an déi oft mat enger Opposition formelle beluecht gouf. An dësem Fall ass dat net de Fall.

Dann d'Fro: Wat kascht dat Gesetz? Dat ass net aus den Texter eraus ze fannen. Et ass méiglech de Plus u Fonctionnementskäschten ze errechnen, et ass awer schwéier ofzegesinn op wéi vill déi réckwierkend 80% sech belafen. Et ass och schwéier ofzegesinn, wat déi 80% fir zukünfteg Investissementer ausmaachen. Mir hunn awer d'Suerg, dass déi dote Suen der öffentlecher Schoul verluer ginn.

A wann een d'Budgete vun dem Schoulministère kuckt, an d'Madame Durdu huet dat och gemaach gehat, da stellt ee fest dass vun 2001 op 2002 mer eng Steigerung hate vu 77 Milliounen, dass mer vum Joer 2002 op 2003 eng Steigerung hate vu 40 Milliounen op 662 Milliounen, dass d'Steigerung am Budget vun 2002 op 2003 méi kleng ass wéi déi Steigerung virdrun. Et muss ee sech elo froen, wou ginn dann d'Sue fir dat Gesetz vun dësem Joer hiergeholl, wa se net der öffentlecher Schoul ewech geholl ginn? Et fënnt een an dësem Budget keng Spur an och keng Äntwert op déi Fro.

A wann dann hei vun den Tauxë geschwat gëtt, do revendiquéiere mer, dass déi Tauxen, déi fir d'Privatschoulen elo gülteg sinn, och fir d'Gemenge Gültegkeet hunn. Déi Argumenter, déi virdrun an d'Feld gefouert gi sinn, kënne mer net gëlle loossen. Wann et bei de Spideeler gëllt, firwat soll et dann net och bei de Schoule gëllen? Ech ka mer virstellen, dass dat sécherlech net jidderengem gefält, mä et ass fir eis eng Tatsaach a mir bleiwe bei där Positioun.

Dann déi Fro vun der Autonomie. Do muss ee jo awer eeschthaft zouginn, dass duerch dat heite Gesetz déi Privatschoulen an d'Situatioun komme vun enger vill méi grousser Autonomie, enger vill méi grousser Flexibilitéit am Beräich vum Bau, vum Ausbau, vum Personal, vun den Direktiounen a leschtendlech och am Beräich vun der Exécutioun vun hire Budgeten, well déi staatlech Schoule musse sech ofseene loossen, wat se mat deene Budgete maachen, déi se zur Verfügung gestallt kréien. D'Privatschoule brauchen dat net. Se kréien eng Enveloppe budgétaire a kënnen domadder maache wat se wëllen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, opgrond vun deenen dote Beispiller bleiwe mir als Sozialisten der Meenung, dass heimat en Déséquilibre geschafe gëtt tëschent deenen engen an deenen anere Schoulen. Mir revendiquéiere fir d'öffentlech Schoul finanziell, strukturell a politesch Reformen, déi d'öffentlech Schoul an d'Lag setzen, deene Bedürfnisser, déi et gëtt, besser kënnen entgéint ze triede wéi dat an dësem Moment de Fall ass. Mer soen och ganz kloer, dass am Beräich vun der Offre scolaire, am Beräich vun de pedagogesche Konzepter, beim Budget, déiselwecht Autonomie fir d'öffentlech Schoul muss gëlle wéi dat bei de private Schoulen de Fall ass. Dat ass eng ganz kloer Prioritéit wéi mir d'öffentlech Schoul hei zu Lëtzebuerg gesinn.

Mer wëllen awer kee Krich féiere géint déi bestoend Privatschoulen. Ech wëll drun erënneren, dass mer 1982 eng Positioun haten, déi mer och nach haut vertrieden.

***(Interruption)***

Ech kommen nach zu der Positioun vun der CSV, Här Weiler.

Mer hunn als Sozialisten net wëlles e Krich ze féieren. Mir hunn 1982 an eiser Proposition de loi dofir plädéiert, dass d'Privatschoule kënnen an den öffentlechen Dingscht integréiert ginn. Den Här Urbany huet dat virdrun zitéiert. Mir haten deemools eng ganz kloer Positioun, déi net geheescht huet, dass mer d'Privatschoulen hätte forcéiere wëlle sech an den öffentlechen Dingscht ze integréieren. Mir hunn d'Méiglechkeet gebueden, dass d'Privatschoule sech kënnten an den öffentlechen Dingscht integréieren.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- An déi, déi déi Méiglechkeet net wouer huelen, deene gitt Dir keng Finanzéierung méi? Déi Fräiwëllegkeet, déi ass awer op eng Basis gesat, déi ganz komesch ass. Déi, déi sech net integréieren, déi net maache wat Dir sot, bei deenen ass d'Finanzéierung fort. Déi aner kommen an de staatleche System eran. Also ech muss soen, dat ass trotzdeem eng komesch Aart a Weis fir ze handelen.

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Jo, Här Wiseler, Dir kënnt soen, dass et vläicht eng komesch Aart a Weis ass.

Ech wëll nach eng Kéier dat ervirsträichen, wat den Här Urbany virdrun hei gesot huet. Ech hat mir dat souwisou fir meng Interventioun virgeholl.

Dir hutt als CSV an där doter Fro een Zickzackkurs un den Dag geluecht, dee wierklech erstaunlech ass. Den Här Dupong 1974 mat senger Proposition de loi, dee wollt genee datselwecht. Dee wollt d'Integratioun vun de Privatschoulen an d'öffentlech Schoul. Mä firwat wollt den Här Dupong dat zu deem Zäitpunkt maachen? Mä ganz einfach, well d'CSV deemools ugefaangen huet ze fäerten, iergendwann eng Kéier kéinten d'Lëtzebuerger décidéieren, dass een anere wéi d'CSV den Educatiounsministère an d'Hänn géif kréien, a se hu geduecht, loosse mer eng Proposition de loi maachen, fir wann dat eng Kéier sollt de Fall sinn. D'CSV huet an der Fro vun de Privatschoulen een totalen Zickzackkurs gefuer, wat mat der Proposition de loi vum Här Dupong bewisen ass.

M. le Président.- Den Här Wiseler wëll lech eng Fro stellen, Här Zanussi?

***(Assentiment)***

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech gesinn, Här Zanussi, dass Der d'Debatte vun 1982 gelies hutt. Do war scho genau déiselwecht Diskussioun.

Déi Zäit hat den Här Werner geäntwert op déi Fro, déi vum Här Krieps sengerzäit gestallt gi war. Dat fannt Dir op der Säit 3406 vun dem Rapport. En huet a sech geäntwert, dass 1974 effektiv den Här Dupong esou eng Proposition de loi déposéiert hat, dass awer gesot gi war, dass dat nach net duerchdiskutéiert wär mat alle Partner a se sech d'Recht géingen ophale fir no de Wahle vun 1974 deen Text ze amendéieren. An en huet dem Här Krieps 1982 d'Fro gestallt, déi ech lech dann elo och stellen: Tëschent 1974 an 1979 hat Dir jo awer den Educatiounsministère. Do ware fënnef Joer Zäit fir déi Propositioun vum Här Dupong, déi Dir esou gutt fannt, an d'Realitéit ëmzesetzen. Meng Fro: Firwat hutt Dir et dann net déi Zäit gemaach?

***(Hilarité)***

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Här Wiseler, meng Riedezäit ass begrenzt. Awer op der Säit 3608 kënnt Dir genee noliesen, wat d'Äntwert vum Här Krieps deemools op déi doten Interventioun vum Här Werner war. Wann Dir d'Rapporten esou gutt gelies hutt, da wësst Dir jo och wat d'Äntwert vun deemools war.

D'alternativ Schoulmodeller. Do soe mir als LSAP e ganz kloert Jo zu alternative Schoulmodeller, wéi zum Beispill deem vun der Waldorfschoul, wou alternativ pedagogesch Konzepter an deem Projet dra sinn, déi enger Rei vu Bedürfnisser vu Kanner éischter gerecht gi wéi an der öffentlecher Schoul.

A mir soen als Sozialiste ganz kloer, dass mer bei Schoulen, déi wierklech Alternativen duerstellen, fir déiselwecht Léisung plädéieren, déi et beim Institut Emile Metz gëtt, nämlech déi Schoulen iwwert de Wee vun enger Konventioun un de Lëtzebuerger Stat erunzeféieren. De Wee vun der Konventioun erlaabt et deene Schoule méi Flexibilitéit an hire Projeten, an hirer pedagogescher Attitüd ze behale wéi eng Integratioun an d'öffentlech Schoul. Mir plädéiere fir dee Modell, mat dem Resultat dass mer do selbstverständlech géingen den Defizit vun deene Schoulen iwwerhuelen a kee Minerval bräicht vun den Elteren ofverlaangt ze ginn. Domadder kéime mer der Fuerderung an dem Wonsch vun de Vertrieder an de Vertriederinne vun der Waldorfschoul méi gerecht no wéi dee Projet, deen elo hei an der Diskussioun a virum Vote steet.

Mir soen awer e ganz kloert Jo zu den internationale Schoulen. Eis Virstellung vun der internationaler Schoul ass allerdéngs déi, dass mer am Idealfall gären hätten, dass et eng grouss international Schoul gëtt, déi all Branchë vum Enseignement regruppéiert. Mir sinn eis voll bewosst, dass Lëtzebuerg als Standuertvirdeel eng international Schoul brauch, an hunn dofir d'Meenung, dass déi Schoul grad esou wéi d'Waldorfschoul an aner alternativ pedagogesch Modeller iwwert de Wee vun enger Konventioun un de Lëtzebuerger Stat sollen erugefouert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dëser Fro an an dësem Gesetz gëtt et effektiv eng ganz kloer Differenz tëschent LSAP an deenen zwou Majoritéitsparteie vun haut.

Wann dat Gesetz haut gestëmmt gëtt, Här Weiler, da kann ech lech verroden, ass dat e rabenschwaarzen Dag fir d'öffentlech Schoul hei zu Lëtzebuerg.

A wann dat Gesetz hei gestëmmt gëtt, Dir Dammen an Dir Hären, ass d'Schoullandschaft hei zu Lëtzebuerg net méi déi, déi se virdru war. Si gëtt méi ongerecht, wéi dat zu dësem Zäitpunkt de Fall ass. Dofir géing ech schléisse mat engem Appel un alleguerten déi Deputéierten, deenen d'öffentlech Schoul um Häerz läit, dëst Gesetz net ze stëmmen.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass agedroen den Här Jean-Paul Rippinger. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat mäin direkte Virriedner hei zum Beschte ginn huet, notamment iwwert d'Positioun an d'Attitüd vun der DP mat hirem Koalitiounspartner, mir hätten eis iwwert den Dësch zéie gelooss, dat ass esou abwegeg...

***(Hilarité)***

…an dat ass streckeweis esou ridicule a vu geballter Onkenntnis vun der Situatioun, dass ech mer erlaben net dorobber ze äntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir hutt besser!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech géif da vläicht léiwer…

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Kuckt emol an déi Gesiichter vun der CSV. Do sinn der dobäi, déi laachen, Här Rippinger!

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Une voix.- Jo, mir héiere jo.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Et ass jo net nëmmen dat gesot ginn, et ass och gesot gi mir hätten eng Kompensatioun kritt an da laache se vläicht dofir.

***(Hilarité et interruption)***

Ech wëll dann awer kuerz op dat agoen, wat den Här Asselborn als President vun der LSAP hei zum Beschte ginn huet. Hie wollt déi Demokratesch Partei op eng duersiichteg Aart a Weis a Kontradiktioun mat sech selwer bréngen an huet duerfir misse wäit an d'Mattekëscht eragräifen. Et ass richteg, dass mir 1982 eng Verbesserung vun de Privatschoulen an dat Gesetz notamment matgestëmmt hunn. Mir hunn och elo eise Wahlprogramm vun 1999 ëmgesat a mir stinn trei zu dem Accord de coalition.

Dat, wat d'Colette Flesch 1987 gesot huet, kënne mer mat zwou Hänn ënnerschreiwen, well mer ëmmer gesot hu mir hunn eng Prioritéit fir d'öffentlech Schoulen, mä mir vernoléissegen duerfir awer net d'Privatschoulen. An dat ass keng Kontradiktioun par rapport zu deem wat d'Colette Flesch deemools gesot huet an ech ka widderhuelen, dass mir nach wie vor dat, wat d'Colette Flesch deemools als Parteipresidentin gesot huet, mat zwou Hänn ënnerschreiwen.

Fir awer de Maurice Pescatore vun 1912 auszegruewen, wat deen do gesot huet, dat fannen ech schonn e relativ staarkt Stéck, well mir wësse jo awer ganz genau, dass d'Demokratesch Partei, de Groupement, aus de Folge vum Zweete Weltkrich entstanen ass. Wéi den Här Asselborn hei den Här Maurice Pescatore beméit huet, dunn huet hien dat aus dem gesamte Kontext vun der Zäit erausgeholl.

Dat, wat de President vun der LSAP hei gemaach huet, ass eng reng ideologesch Approche, an zwar am Kader vun der sozialistescher Dialektik. Hien, dee soss ëmmer opgetrueden ass a Schrëften, déi hie verfaasst huet, an och an öffentleche Sitzungen als Ayatollah vun der Trennung vu Kierch a Stat, dee wollt dat haut natierlech net méi beméien an huet sech net méi op d'Trennung vu Kierch a Stat agelooss, mä hien huet haut déi ideologesch Komponent gebraucht. Hien huet de Stat beméit an eis Verfassung, de Stat, den allmächtegen, den omnipresente Stat mat wéineg Spillraum fir déi perséinlech Fräiheet. Mat esou engem Stat kënne mir als Demokratesch Partei net d'accord sinn.

Hien huet och den Artikel 23 vun der Verfassung beméit. Ech froe mech déi Joren, wou se an der Regierung waren, firwat dass se sech net dunn ëm den Artikel vun der Verfassung beméit hunn an och deen zitéiert hu fir d'Privatschoulen ofzeschafen. Wat awer fir mech vill méi e wichtegt Argument ass, dat ass d'Attitüd vun dem Conseil d'Etat zu dësem Projet de loi. D'sozialistesch Fraktioun, déi ëmmer erëm seet, dass de Conseil d'Etat den Hidder, de Gardien vun eiser Verfassung wär.

De Conseil d'Etat huet an dësem Projet de loi den Artikel 23 oder 26, wéi och ëmmer, ni beméit. Hien huet deen Artikel net zitéiert, also schéngt och dëse Projet de loi dem Conseil d'Etat conforme zu eiser Lëtzebuerger Verfassung ze sinn. Par conter muss een awer soen, dass d'LSAP an de Joren 1994 bis 1999 vun hirem Koalitiounspartner uerg gebeutelt ginn ass a si huet dat bedingungslost Ofséine vun de Konventioune vun 1998 mat agefouert.

***(Interruption et hilarité)***

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Här Rippinger, däerf ech lech soe firwat? Här Rippinger, ma ech sinn haut nach houfreg dorobber, dass mer dat ausgehandelt hunn, an ech soen lech firwat dass mer dat gemaach hunn.

***(Brouhaha général)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech weess net, ob den Här Asselborn d'Wuert huet an ob hien eng Fro gestallt huet.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Dach, ech hunn den Här President gefrot. Dir hutt mech jo awer elo ugeschwat.

***(Interruptions diverses)***

Dir hutt den Artikel 23 vun der Verfassung zitéiert an nach en aneren, deen net richteg war.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech hu virun allem lech zitéiert.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Den Artikel 22 seet: « …les rapports de l'Eglise avec l'Etat font l'objet de conventions à soumettre à la Chambre des Députés pour les dispositions qui nécessitent son intervention. »

Opgrond vun deem Artikel vun der Verfassung, Här Rippinger, hu mer déi gutt Aarbecht gemaach fir Konventiounen hierzestelle mat de Kierchen am Sënn vun der Transparenz, fir déi Relatiounen tëschent deene Kierchen an dem Stat ze clarifiéieren. Een, deen e wéineg méi wéi e Goldfësch politescht Gehir am Kapp huet, dee versteet dat.

***(Hilarité et indignation)***

M. le Président.- Här Rippinger, fuert weider.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech hunn natierlech deem näischt bäizefügen.

***(Interruption)***

Ech hu gesot, et gëtt eng Méiglechkeet fir Konventiounen auszehandelen. Ech hunn hei gesot, dass d'LSAP bedingungslos kapituléiert huet an dat gesäit een, wann een déi Konventiounen no-

liest. Wat ass et gewiescht? Eng Konventioun tëschent der Regierung an dem Bistum, eng Konventioun tëschent der Regierung an den israelitesche Communautéiten, eng Konventioun tëschent der Regierung an der protestantescher Kierch an eng Konventioun tëschent der Regierung an der griichesch orthodoxer Kierch.

A wéi huet de Projet de loi geheescht? En huet geheescht « Projet de loi portant refixation des cadres du culte catholique et réglant certaines matières connexes », wann ech elo op deen éischten aginn. Et war also net nëmmen d'Konventioun tëschent Kierch a Stat oder tëschent der Regierung an de Reliounen, mä et ass och ëm d'Ministres du culte, ëm d'Laienpriester an ëm d'Katechiste gaangen.

***(Interruption)***

Maja, dat steet net an der Verfassung. Do muss ee just soen, dass d'LSAP bedingungslos kapituléiert huet, an ech zitéieren den Här Asselborn wéi hien hei doriwwer geschwat huet.

***(Interruptions)***

Här President, ech kéint dem President vun der LSAP soen, hien huet deemools gesot och de Public dobausse keeft Iech esou Platitüden net of. Ech géif him datselwecht elo retournéieren haut als Vertrieder vun der Demokratescher Partei.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- An da gi mir et erëm zréck.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech zitéieren elo de President vun der LSAP. D'Sozialisten haten an hirem Programm 1994 stoen - dat war seng Interventioun deemools bei de Konventiounen -, dass si bereet wären, an dat muss ech ënnersträichen, fir an enger Koalitioun mat der CSV, wat jo net einfach ass, well do eng lénks an eng riets Partei sech zesummendoen, dee gréisste gemeinsamen Nenner ze fannen an op deem Thema eppes ze bewegen.

„An der Politik" - an dat ass gutt fir hien an der Oppositioun - „bréngt et näischt permanent ze lamentéieren, ze opponéieren a sech an endlos Tiraden anzeloossen, wann ee keng Bewegung an d'Spill erabrénge kann." Et ass awer genau dat, wat si haut maachen.

„Mir wësse ganz kloer," ass hie virugefuer „dass heimat dee laizistesche Stat net proclaméiert gëtt, mä mir wëssen awer, dass dëst e Schrëtt ass, och wann et nëmmen e klenge Schrëtt ass." Ech constatéieren, Här President, dass d'LSAP mat wéineg zefridde war.

Wa mer elo op d'Privatschoulen nach eng Kéier ze schwätze kommen, da muss ech soen, dass och d'LSAP et net fäerdeg bruecht huet an der Koalitioun mat der CSV se ofzeschafen. Anscheinend musse si se awer gutt behitt hunn, well déi Privatschoulen jo ënnert hinnen e gewëssenen Essor kritt hunn an haut bis zu 11,6% vun de Kanner an déi Privatschoule ginn.

***(Interruption)***

Wat ech haut net verstinn, dat ass: Wat géinge se mat deene Schüler maachen, wa mer dat vollzéie géingen, wat d'LSAP eis hei proposéiert.

***(Interruption)***

Dat wat ech natierlech formidabel fannen, dat ass dass se fir gewësse Privatschoule sinn awer fir anerer net. Méi sectaire kann ee jo an der Politik net sinn.

***(Brouhaha général)***

Si sinn nëmme géint déi konfessionell Privatschoulen, mä fir déi aner si se. Ech soen Iech och firwat dass se fir déi aner sinn. Ech zitéieren do e Bréif - d'Madame Durdu huet mech autoriséiert dat ze maachen - vum President vun der Chambre de commerce américaine au Luxembourg.

Déi huet der Madame Agny Durdu Folgendes geschriwwen: « En outre, nous demandons d'urgence votre soutien pour cette initiative cruciale » - gemengt ass dëse Gesetzestext - « à la communauté internationale des affaires au Luxembourg et pour le développement futur du Luxembourg comme centre international des affaires ». Dat ass dat, wat déi Leit schreiwen, an duerfir dee Volte-face vun de Sozialisten. Am Ufank ware se an hirem Steeseler Pabeier géint sämtlech Privatschoulen an elo si se nëmmen nach géint déi konfessionell. Ech muss soen, dat ass a mengen Aen e staarkt Stéck.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Ech mengen, ech hunn et nach allze vill gutt verstanen. Dat wat ech eigentlech net verstanen hunn, dat ass firwat dass den OGB-L sech esou bedeckt gehalen huet an dëser Affär vum LCGB. Et ass wéineg geschwat gi vun de Gewerkschaften, déi jo awer ëmmer beméit gi fir hei an dësem Plenum ze soe wat si menge vun dem Sujet, an de President vum OGB-L verpasst jo och keng Geleeënheet fir zu alle Sujeten, déi et nëmmen an der Politik gëtt, Stellung ze huelen. Ech kënnt mer eventuell virstellen, firwat dass den OGB-L sech bedeckt gehalen huet. Mä wann all déi Schüler vu Leit, déi am OGB-L sinn, géifen aus de Privatschoulen austrieden, dann, mengen ech, misste mer se vläicht ofschafen.

***(Interruptions diverses)***

Ech zitéiere jo den LCGB net gären, mä nach muss ech dat awer haut maachen. „Der Vorwurf, die Privatschulen würden im Gegensatz zu den öffentlichen Schulen nach Verabschiedung des neuen Gesetzes finanziell bevorzugt, grenzt nahezu an Überheblichkeit und Dummheit derjenigen", dat wat den Här Asselborn mir virwerft, „die sich gegen eine staatliche Finanzierung der Privatschulen wenden."

Dat heescht also, wat géinge se maachen, Här President, wa se d'Privatschoulen, och nëmmen déi konfessionell, ofschafe géingen? Wat geschitt mat de Schüler? Wat geschitt mat de Professeren? Wat geschitt mat den Infrastrukturen a wéi ginn déi Leit dann indemniséiert? Do muss ech soen, do ass kee Réckgrat dran a mat esou enger Attitüd kënne mir net d'accord sinn. Dat wat de President vun der LSAP hei zum Beschte ginn huet, dat sinn, géif ech soen, lauter Platitüden. Dat ass Konsistenzlosegkeet. Et ass en Discours vun engem ewig Gestrigen an ech muss soen, mat senger Führung an der LSAP gesäit déi Partei al aus. An ech géif soen, dass den Discours vun der LSAP en ideologeschen haut war. En ass net méi zäitgeméiss. E passt net méi an d'21. Jorhonnert. Dofir ass och, an dat hunn d'Leit haut dobausse gemierkt, d'LSAP keng echt Alternativ fir 2004 d'Politik hei am Land ze maachen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Jos Scheuer agedroen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Den Här Goebbels an den Här Poos sinn och der Meenung vum Här Rippinger.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aus Zäitmangel eng gekierzte Versioun vun deem wat ech wollt soen, mä par acquis de conscience maachen ech et.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Huelt Iech roueg Zäit. De Rapporteur huet néng Minutten iwwert d'Zäit geschwat.

M. le Président.- Loosst den Här Scheuer schwätzen! Wat huet den Här Rapporteur elo hei mam Här Scheuer ze dinn?

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Déi néng Minutten hätte mir awer och gär!

M. le Président.- Mir sinn net klenglech bei esou engem Projet. Mir huelen elo net de Chronometer erbäi.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här Scheuer, huelt Iech roueg Zäit. Dir sidd gutt.

M. le Président.- Dir sollt awer elo net iwwerdreiwen!

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, et wier fir d'éischt wou mir zwee eis net géife verstoen.

Also eng gekierzte Versioun, leider, mä par acquis de conscience maachen ech et awer.

Et ginn dräi Avisë vum Statsrot zu dësem Projet an ech mengen déi Avisë vum Statsrot sinn och d'Spigelbild vun der öffentlecher Meenung zu dësem Gesetz.

Den éischte majoritären Avis iwwerhëlt quasi den Exposé des motifs an de Schlësselsaz an deem Avis ass deen heien: „Le Conseil d´Etat ne peut-il qu'apporter son appui à la régularisation des situations de fait." Keng inhaltlech Ausenanersetzung mat der Roll vum Stat an der Schoulpolitik, dem Erzéiungswiesen, mä reng formal Amendementer, déi de Statsrot abréngt.

Den zweete minoritären Avis bedauert, datt den Enseignement privé nach ëmmer défavoriséiert ass a bedauert, datt de Stat autoritär an den Enseignement agräift an d'Privatschoul quasi diskriminéiert. Dat ass schonn eng politesch Ausso: D'Recht vum Eenzelnen, dat heescht d'Recht vun den Elteren an dësem Fall, gëtt iwwert déi sougenannt Statsraison gestallt, mä implizit gëtt an dësem Avis awer d'Roll vum Stat unerkannt.

An den drëtten Avis, dee setzt sech fundamental ausernee mat der Relatioun tëschent öffentlecher Schoul a Privatschoul. E geet och aus vun der Constitutioun. En zitéiert den Artikel 23 an deem d'Responsabilitéit vum Stat déterminéiert gëtt a freet firwat de privaten an den öffentleche Schoulsecteur net progressiv zesumme fléisse sollen. An d'Quintessenz vun dësem, a mengen Aen, excellenten Avis, deen an de staatspolitesche Fong vum Problem geet, ass d'Suerg ëm den Zesummenhalt vun der Lëtzebuerger Gesellschaft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz setzt Zeechen, setzt Jalonen. Dat ass gewosst vun der DP an vun der CSV. Mä si hunn, an ech hunn dat haut an de Beiträg vun de Majoritéitsdeputéierte festgestallt, keng Bereetschaft fir eng Diskussioun iwwert de Fong ze féieren. De Rapport vun der DP-CSV-Majoritéit ass dann och symptomatesch, an d'Motivatioun, fir dëst Gesetz virzeleeën, léisst sech an engem eenzege Saz zesumme faassen. D'Koalitioun gëtt de private Schoulstrukturen, déi et zu Lëtzebuerg gëtt, d'Garantie, datt se an deemselwechte Kader wéi bis elo weiderfuere kënnen, mä ënner materiell verbesserte Konditiounen. Dat ass d'Zesummefaassung vum Rapport.

An domat aktéiert dës Chamber dann haut de politesche Wëllen, fir zwee oder souguer dräi Schoulsystemer niewentenee lafen ze loossen, ouni datt awer och duerch dat Gesetz eng eenzeg Weich gestallt gëtt, fir dat Ausenanerdrifte vun de private Schoulen an vun de Statsan vun de Gemengeschoulen ze verhënneren. Au contraire. Den Enjeu vun dësem Gesetz ass a mengen Aen deen heien. Et geet ëm d'Zukunft vu Lëtzebuerg an d'Zukunft vum Lëtzebuerger Gesellschaftsmodell hänkt dovun of, datt d'Kanner aus alle gesellschaftleche Schichten an alle Schoulen niewenteneen an der Bänk sëtzen, datt Lëtzebuerger Kanner niewent de Portugisen, niewent den Albaner, Kosovaren an Iraner an der Klass sëtzen a Lëtzebuerger Schoulen.

Zweetens datt de Katholik an de Protestant, de Muslim an den Animist déiselwecht allgemeng gülteg Wäerter, nämlech d'Mënscherechter vermëttelt kréien, datt si de Respekt virun de gesellschaftlechen a politesche Strukture vu Lëtzebuerg an enger Schoul vermëttelt kréien. Datt d'Kanner aus deenen honnert Nationalitéite léieren, datt d'Stäerkt vun der Lëtzebuerger Demokratie besteet am Akzeptéiere vun engem strukturéierten Zesummeliewe vun ënnerschiddleche Bierger. An dat ka keng international Schoulfirma garantéieren. Dat ka keng Entreprise X garantéieren, déi sech hir Déngschter bezuele léisst. Dat kann awer och keng Reliounsgemeinschaft garantéieren, an dat ass eng Glawensgemeinschaft ëmmer, déi eventuell esouguer op enger karitativer Basis gutt bis excellent fonctionnéiert.

Nëmmen de Stat, den demokratesche Rechtsstat, deen esou strukturéiert ass an deem seng fundamental Wäerter esou definéiert sinn, datt all Bierger sech dran erëmfënnt, kann a muss dëst Zil ëmsetzen a muss och dat Ideal, well et ass en Ideal, ustriewen. Nëmmen e laizistesch demokratesch ausgeriichte Stat kann dat ëmsëtzen. Dat heescht net implizit, datt keng Reliounscoursë kënnen ofgehale ginn oder datt déi sollte verbuede sinn. An de Stat muss och den Usprëch vu senge Bierger eng entspriechend Offer ubidden. Dat ass d'philosphesch, politesch Approche, och vu menger Partei zu dësem Gesetz an och meng perséinlech Approche.

Ech wëll kuerz zwou Froen opwerfen.

1. De Rapport, wat ouni Zweiwel en éierbare Rapport ass, bréngt ganz vill Chifferen, fir d'Virwërf ze relativéieren, besonnesch den Avis minioritaire négatif. Mat Statistike gëtt da bewisen, datt d'Privatschoulen, an dësem Fall d'Kongregatiounsschoulen, sech net an der Populatioun vun de Statsschoulen ënnerscheeden. Si bidde just méi. A wat se méi bidden, dat gëtt opgezielt. Dat ass d'Betreiung, dat ass d'Protektioun vun den Elèven. Mä Programmer a Methode sinn déiselwecht. Ass dat e Mérite? Firwat ginn dës Schoulen dann net vum Stat iwwerholl? Dat ass déi fundamental Fro, déi sech stellt. Firwat muss de Stat déi Schoulen net iwwerhuelen? Firwat halen d'Träger vun dëse Schoulen op hir Onofhängegkeet? Firwat hale se op hir Privilegien an huelen a Kaf, datt se bestëmmt Zommen elo nach ëmmer opbrénge mussen, fir hir Schoulen um Goen ze halen?

Am Rapport zum Gesetz gëtt dat motivéiert. Et gëtt vun Traditioun geschwat. Et gëtt vun engem besseren Accueil geschwat. Et gëtt vun enger eenzeger, vun enger eegener Personalitéit geschwat. Ech froe ganz einfach, wou besteet den Ënnerscheed tëschent deene Schoulen, déi, wat d'Methoden ugeet a wat de Programm ugeet, identesch si mat der öffentlecher Schoul? Wou besteet den Ënnerscheed zur öffentlecher Schoul? Firwat, Madame Minister, hunn dës Schoulen net profitéiert vun der Geleeënheet, vun der Fräiheet déi se haten zënter 1982 fir dräi Schoulen anescht ze miwweléiere wéi d'öffentlech Schoul?

Et ginn zwee Privilegien, déi déi Schoulen hunn an déi se behalen, an dat mécht de Wäert vun hinne fir d'Träger aus.

Éischtens ass et d'Méiglechkeet fir e Choix, eng Selektioun vun den Elèven ze maachen. D'Fro ass net, ob si se maachen. D'Fro ass: Erhale mer d'Méiglechkeet fir dee Choix ze maachen oder schaffe mer Obligatioune fir de Recrutement vun den Elèven aus?

En zweeten Avantage ass: Si kënnen e Choix vun den Enseignante maachen. Jiddferee weess, datt en Enseignant seng Gesënnung huet, an dass hie seng Gesënnung mat eran an de Cours brénge kann.

Dat sinn déi zwee Privilegien, déi d'Schoule behalen. Fir de Rescht kënne si sech adaptéieren, awer op Grond vun dësen zwee Privilegien ka schonn d'Zukunft vun den Elèven an d'Zukunft vun de Schoulen anescht gestalt gi wéi dat an der öffentlecher Schoul méiglech ass.

Zweete Froekomplex. All raisonnable Mënsch weess firwat et international Schoulen zu Lëtzebuerg gëtt. Si sinn d'Trëmp an der Lëtzebuerger Ekonomie an den Här Meisch huet dat exemplaresch gutt elei duergestallt, an dunn, bewosst, déi völleg falsch Konklusioune gezunn Si fänken déi Kanner op, déi keng Chance am öffentleche Secteur, respektiv am Congrégatiounssecteur oder awer souguer an der Europaschoul hätten. Déi international Schoule schaffe mat Programmer a Methoden, déi déi aktuell Lëtzebuerger Schoul net unzebidden huet. Si kënne se net ubidden. Ergo sinn dat echt alternativ Schoulen op déi mer ugewise sinn.

Ass et elo falsch fir ze soen, dass de politeschen a wirtschaftleche Standort staark ofhängeg ass vun der Presenz vun internationale Schoulen zu Lëtzebuerg? Wann d'Äntwert jo ass, da froen ech dës Majoritéit awer wierklech firwat dës Schoulen nëmme mat 40% subsidiéiert ginn an ech wëll Iech weise wéi de Rapport sech esou e bëssen virun enger klorer Ausso dréckt an eng ganz komesch Logik entwéckelt.

Ech liese vir - Dir mierkt dann dee Gedankesprong, deen d'Madame Durdu mécht -: «Il est vrai que le taux d'aide accordé aux écoles n'appliquant pas le programme national est limité à 40% au niveau des frais de fonctionnement.» Da seet se: «Cependant, la Commission estime que ce faisant le Gouvernement reste fidèle à son principe d'accorder la priorité à l'enseignement public.» Et misst een ergänzen: den Enseignement public an de Congregatiounsschoulen, déi awer incapabel sin, fir dëse Kanner déi Ausbildung ze ginn, déi se am Fong mussen hunn, fir dass hir Eltere kënnen zu Lëtzebuerg liewen, a fir dass sech si hei zu Lëtzebuerg an der Gesellschaft liewe kënnen. Dat ass eng schonn zynesch Logik, déi sech net hält.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et besteet en historesch direkten Zesummenhang tëschent dem Entstoe vun der politescher Demokratie an der Aféierung vun der fräier duerch de Stat garantéierter öffentlecher Schoul. Den Terme Cohésion sociale ass kee Schlagwuert mat deem een einfach esou ëmgeet wéi ee wëllt, mä bezeechent eng Aufgab, déi all d'Regierunge vu Lëtzebuerg an hir Programme geschriwwen haten an an Zukunft dra schreiwe mussen.

Viru Jorzéngten ass gekämpft ginn, fir de Minerval ofzeschafen. Dat läit nach net laang zréck. Bis an d'50er Jore si munnech Kanner dru gehënnert ginn, duerch d'Existenz vum Minerval, fir an de Lycée ze goen. An de 70er Joren ass eréischt d'Mixitéit an der öffentlecher Schoul agefouert ginn an zënter Jorzéngte kämpfe mer, a mir wäerten dat och nach Jorzéngte maachen, fir d'Integratioun vun den Auslännerkanner an d'Lëtzebuerger Gesellschaft. Mir kämpfe munchmol géint Wandmillen a mir packen et net, wa mer éierlech sinn, fir eng Integratiounsschoul ze schafen.

Dat Gesetz hei erhéicht a mengen Aen d'Gefor, dass zu Lëtzebuerg e Schoulsystem ausgebaut gëtt, dee vu Gruppen opgebaut gi kann an dirigéiert gi kann, Gruppen, déi Lobbyfunktiounen hunn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Dir hutt elo gläichgezu mat der Madame Rapportrice. Kommt zum Schluss, Här Scheuer!

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Ech sinn elo direkt fäerdeg, Här President.

***(Interruptions)***

Den Här Wiseler behaapt, dass d'Elteren e Recht drop hu fir d'Educatioun an d'Formatioun vun hire Kanner ze bestëmmen. Ech behaapten, dass de Stat, dass d'Politik d'Pflicht huet fir d'Educatioun an d'Formatioun vun de Kanner esou ze organiséieren, datt se fir all Elteren an all Kanner eng optimal Offer enthält. Fir Lëtzebuerg ass dat kee Combat d'arrière-garde, mä et ass e Programm, deen ëmmer nees nei muss iwwerduecht ginn.

Da wollt ech der Madame Minister als Ofschloss dräi Zeile virliesen. Si gëtt mir da vläicht eng Äntwert dorop. En Här huet mer e Mail gemaach an hie seet dat heiten - ech liesen nëmmen een Deel vir -: „Et geet ëm mäi Jong, fënnef Joer al, deen d'Symptomer vun ADS huet (attention deficit disease). Hie war bis elo an der International School. Dës Privatschoul huet mer elo matgedeelt, dass si hien net méi an der Schoul behale wëllen." De Papp zitt dann d'Konklusioun: Privatschoule kënne geneigt sinn e gewëssene Cherry picking, d'Roséngen erauszehuelen, vu carefreeë Kanner ze maachen. Kanner, déi wierklech Hëllef brauchen, ginn ze deier am Opwand. Madame, wat soll deen Här maachen?

Merci fir d'Opmierksamkeet.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet nach d'Wuert gefrot.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach kuerz d'Wuert ergräife fir nach e puer Iwwerleeunge vun eiser Säit mat an déi heiten Diskussioun eranzebréngen.

Ech mengen, wann een d'Diskussioun de Mëtten hei verfollegt huet, da war et iwwer grouss Längten virun allem eng ideologesch Diskussioun, wou verschidde Leit nach an engem Sënn, deen awer menger Meenung no hautdesdags zumindest am Schoulwiesen iwwerlieft ass, nach agéiert an diskutéiert hunn.

D'Elteren, déi hir Kanner haut an eng Schoul schécken, ob dat eng öffentlech oder eng privat Schoul ass, maachen de Choix sécherlech net opgrond vu reliéisen Iwwerleeungen, mä si maachen de Choix ganz einfach an deem Sënn, datt se hir Kanner wëllen an eng Schoul kréien, wou si mengen hir Kanner wieren am beschten an där Schoul opgehoff. Ech mengen, dat wier haut den eenzege Kritär no deem d'Leit wahrscheinlech jugéieren, wou se hir Kanner an d'Schoul schécken.

Eng Fro, déi ee sech stelle kann an déi de Mëtten hei e puermol opgeworf ginn ass: Kréie mer doduerch, datt d'Privatschoulen staatlech subventionéiert ginn, en Zweeklasseschoulsystem? D'Äntwert ass kloer neen.

Ech géif souguer soen, dass, wa mer d'Privatschoulen net staatlech subventionéiere géifen, mer dann den Zweeklassesystem schafen, well dann nëmmen nach en Deel vun deene Leit, déi net mat der öffentlecher Schoul zefridde wieren an hir Kanner gäre géifen an eng Privatschoul ginn, sech dat nach leeschte kéinten. Déi Leit, déi sech dat net leeschte kéinten, kéinten dann net méi vun där Geleeënheet profitéieren, mä déi aner géife sech dat awer leeschten, hei am Land oder am Ausland. Esou dass am Fong duerch eng Subventionéierung vun de Privatschoule keen Zweeklassesystem hei entsteet, mä dass en domadder ënnerbonne gëtt. Och dee Minerval, dee bezuelt…

***(Interruption)***

Här Weiler, ech fänke lues a lues u mer Gedanken ze maachen, well Dir kommt ëmmer méi zu der Konklusioun, dass ech Recht hunn, an ech weess net wou dat higeet, wann dat esou weidergeet. Mä déi nächst Woch kréie mer vläicht d'Geleeënheet, fir dass mer eis emol erëm eng Kéier net méi eens sinn. Mä wie weess, vläicht gi mer eis och déi nächst Woch eens.

***(Interruption)***

De Minerval, deen an de Privatschoule gefrot gëtt, deen tëschent 250 an 300 Euro d'Joer läit, ass sécherlech kee Montant deen dozou féiert dass ee soe kann, dass mer hei am Land en Zweeklasseschoulsystem hätten.

A wann een dann an d'Statistiken - a si sinn de Mëtten hei e puermol ernimmt ginn -, mä ech wëll se awer nach eng Kéier ernimmen, virun allem nodeem d'Sozialisten hei nach eng Kéier drop higewisen hunn, well ech drun erënnere wëll wéi héich dass de Prozentsaz vun Aarbechterkanner ass. Et heescht jo awer schliesslech Lëtzebuerger sozialistesch Aarbechterpartei an ech huele jo un, dass deen A nach ëmmer fir Aarbechter steet. Mir hunn da Privatschoulen, wou iwwer 50%, iwwer 60%, souguer 68% Kanner vun Elteren aus dem Aarbechtermilieu dra ginn.

Da kann een also net vun engem Zweeklassesystem vu Besserverdénger oder manner Besserverdénger schwätzen. Dann ass dat de Beweis, dass och do virun allem déi Leit aus dem Aarbechtermilieu hir Kanner kënnen an déi Schoule schécken, wat also eng Chancegläichheet ass. Wann ee mat de Leit aus de Privatschoule schwätzt, da gëtt souguer dee Minerval, wann do Familljen dobäi sinn, déi déi 250 oder 300 Euro d'Joer net opbrénge kënnen, am Prinzip emol net ageklot. Ech mengen, et soll een dat awer fairerweis...

***(Interruption)***

Här Zanussi, Dir hutt virdu geschwat. Ech hunn lech net ënnerbrach. Ech wëll just nach e puer Iwwerleeunge vun eiser Säit hei mat erabréngen.

Mir schwätzen hei vun aacht Privatschoulen a mir schwätze vun 11,3% vun de Lëtzebuerger Schüler, déi a Privatschoule ginn. Dobäi hu mer net d'Zuel vun deenen nach dobäi, déi an d'Ausland ginn. Domadder géif de Prozentsaz wahrscheinlech net änneren, well déi 11,3% - dat huet den Här Wiseler mer gesot - bezéie sech reng op d'Zuel vun de Kanner, déi hei zu Lëtzebuerg an d'Schoul ginn.

Mä wa mer géifen d'Kanner dobäirechnen, déi an auslännesch Schoule ginn, da géif d'Zuel als solch awer an d'Luucht goen. A wa mer keng Privatschoulen hei zu Lëtzebuerg hätten, da géif d'Zuel vun deene Kanner, déi wahrscheinlech an d'Grenzregioun, an d'Ausland géifen an d'Schoul goen, och nach zousätzlech klammen, well mer manner Privatschoulen hei am Land hätten.

Ech brauch net méi anzegoen op deen ideologesche Kampf, deen d'sozialistesch Partei haut de Mëtten hei gefouert huet. Ech ka mech erënneren, dass wéi mer virun e puer Joer, an de Jean-Paul Rippinger huet dat de Mëtten hei erkläert, iwwert d'Konventioune mat der Kierch geschwat hunn, mer net vun enger Subventioun vun 60%, 70% oder 80% geschwat hunn, mä do hu mer vun enger vun 100% geschwat, déi vun de Sozialisten d'Ënnerstëtzung fonnt huet.

An där Diskussioun vun de Mëtten hunn déi eng gesot: „Wa mer dat heite stëmmen, dann ass dat e schwaarzen Dag fir d'öffentlech Schoul". Dat ass hei vun der sozialistescher Partei gesot ginn. Dat ass gesot ginn, well ebe Konkurrenz tëschent der öffentlecher an der privater Schoul besteet, well eben do gefäert gëtt d'Privatschoul wär besser, si wär méi flexibel, si hätt eng eege Personalitéit, si hätt e besseren Encadrement a si géif eng besser Protektioun bidden an duerfir géingen d'Elteren dee Choix do maachen.

Déi ganz Diskussioun huet also bewisen, déi eng, déi dofir, oder déi aner, déi dogéint geschwat hunn, dass am Fong duerch d'Bank d'Meenung heibanne sech erauskristalliséiert huet, datt d'Privatschoulen an der Opinioun vun eis heibanne besser sinn, well wa se net besser wären, da bräicht jo och déi Angscht virun de Privatschoule vis-à-vis vun den öffentleche Schoulen net esou grouss ze sinn. A well eben d'Leit haut vill tendéiere fir a Privatschoulen ze goen, esou huet dat mat dem Resultat vun eiser öffentlecher Schoul ze dinn.

D'PISA-Etüd huet jo bewisen, wou eisen Niveau vun de Schoulen ass. Dat ass allerdéngs net hei duerch d'Subventionéiere vun de Privatschoulen ze behiewen, mä dat ass einfach d'Resultat vun enger Schoulpolitik, déi iwwer Jorzéngten hei am Land bedriwwe ginn ass, déi dat eben zum Resultat huet, esou dass hei am Land d'Tendenz zu de Privatschoule méi grouss ass.

Wa mer a Finnland kucke ginn, déi an der PISA-Etüd jo ganz vir leien, do ginn nëmmen 3% an d'Privatschoulen, wat also de Beweis ass, dass d'öffentlech Schoul do esou gutt ass, datt d'Leit net a Privatschoule ginn. D'Konklusioun ass ganz richteg: Mir musse kucken, dass wa mer Privatschoulen net wëlle weider opkomme loossen am Kader vun der Konkurrenz, da musse mer de Courage hunn d'öffentlech Schoul esou ze reforméieren, dass d'Leit kee Problem domat hu fir hir Kanner an d'öffentlech Schoul ze schécken, datt se soen d'öffentlech Schoul ass wuel esou gutt wéi d'Privatschoul, mir schécke se genau esou gären dohinner.

Da stellt sech natierlech d'Fro: Firwat ass dat dann awer net esou? Et gëtt vill doriwwer diskutéiert. Firwat gëtt jorzéngtelaang hei am Land doriwwer diskutéiert? Och Är Partei, Här Asselborn, war 15 Joer mat an der Regierung, wou mer dann zum Schluss d'PISA-Resultat kritt hunn. Et ass awer näischt an déi Richtung geschitt. Déi wesentlech Akzenter, déi an der öffentlecher Schoul misste gesat sinn, si bis haut nach net gesat ginn an och dës Regierung wäert déi Akzenter net kënne setzen, well och d'Demokratesch Partei Handschellen un huet an deem Dossier, well se sech eben bei deene leschte Wahlen am Fong engem Secteur…

***(Interruption)***

Jo, se sinn onsichtbar, mä jiddferee weess, dass Dir se un hutt, well d'Demokratesch Partei sech eben un eng Gewerkschaft bei de leschte Chamberswahlen, wéi soll ech soen, verkaaft huet a wou se och Leit aus der Gewerkschaft mat op der Lëscht hat, haut an der Regierung huet an déi souguer an de Schoulmeeschtergewerkschafte mat dra sinn. Duerfir huet se d'Hänn gebonne fir déi Reformen duerchzezéien, déi missten duerchgezu ginn.

Ech wëll net soen, dass eng Reform ouni d'Enseignantë ka gemaach ginn, mä se kann net exklusiv mat den Enseignantë gemaach ginn, se muss och mat deenen aneren Träger vun der Schoul gemaach ginn, mä si gëtt hei vun enger Kategorie awer geleet an dofir wäerte mer och net erliewen, dass dës Regierung de Courage opbréngt fir déi Reformen an der öffentlecher Schoul duerchzezéien, déi missten duerchgezu ginn.

Als Konklusioun géif ech soen, Här President, datt den Erfolleg oder de Mësserfolleg vun de Privatschoulen eenzeg an eleng vun der Qualitéit vun der öffentlecher Schoul bestëmmt gëtt. A wann d'öffentlech Schoul verseet, da solle mer frou sinn dass mer d'Privatschoul hunn.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Erzéiungsminister Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, all Kéiers wann hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Privatschoule geschwat ginn ass, dann huet dat deelweis zu heftegen Ausernanersetzunge gefouert, souwuel heibanne wéi och dobaussen.

Wann ech awer dat vergläiche mat deem wat 1982 wor, dann ass am Fong kee Vergläich méi do. Déi Zäit, 1982, kann ech mech erënneren, dass dat eng ganz aner Debatt war, an dass dunn dobaussen och vill méi un där Debatt participéiert ginn ass, dass den Intérêt vum Public vill méi grouss war wéi haut. Doraus schléissen ech, dass dee Problem, dee mir haut debattéieren, am Fong ee Problem ass, deen net dobausse grouss Masse méi beweegt, well et e Problem ass, deen déi meeschte Leit zum Gléck net méi ideologesch uginn.

Fir dass am Ufank vun der Debatt gläich keen Zweifel opkënnt, Här President, ech war, ech sinn an ech bleiwen e Verfechter vun der öffentlecher Schoul, déi besonnesch hei zu Lëtzebuerg de Garant ass vun der sozialer Kohesioun, an déi ons d'Méiglechkeet gëtt alle Composantë vun eiser Gesellschaft Rechnung ze droen. Ech mengen och soen ze kënnen, dass ech a mengem Engagement an der Education nationale säit 1999 bewisen hunn, wat alles muss an der öffentlecher Schoul beweegt ginn.

Allerdéngs muss een awer, wann een dësen Thema ugeet wéi och bei aneren Themen, d'Situatioun objektiv analyséieren an et däerf een net mat Scheiklappen un d'Problematik erugoen. Et muss een an esou enger Ausernanersetzung wéi an allen Ausernanersetzungen all d'Facettë beliichten. A mat virgefaassten ideologesche Meenunge kann ee kaum komplex Problemer ugoen, geschweigs da léisen.

Wéi schwiereg déi Debatt hei awer ass, weisen déi dräi Avisë vum Conseil d'Etat. Et ass éischter rar, dass et dräi Avisë vum Conseil d'Etat gëtt. Deen ee minoritairen Avis ass géint de Projet de loi, well e fënnt e géing ze wäit goen. Deen anere minoritairen Avis seet de Projet de loi géing net wäit genuch goen. An de majoritairen Avis vum Conseil d'Etat seet, dass et e Projet ass, dee gutt ass, an e mécht Verbesserungsvirschléi, déi d'Kommissioun dann och iwwerholl huet. Et ass deen Text, deen hei zum Vote virgeluecht ginn ass.

Här President, wann een d'Evolutioun vum Schoulwiese kuckt, da muss een dat ëmmer an der Zäitachs maachen an et muss ee se och an de Kontext vun der jeeweileger Zäit erasetzen. Aus der historescher Distanz musse mer wëssen, dass wa mer haut mat Stolz 400 Joer vum Kolléisch feieren, dann ass dat well viru 400 Joer d'Jesuiten zu Lëtzebuerg eng Schoul gegrënnt hunn.

Och musse mer unerkennen, dass de Virleefer vum Meederchersly-cée, deen eréischt 1911 zu Lëtzebuerg gegrënnt ginn ass, Kongregatiounsschoule waren, déi sech ëm d'Weiderbildung vun de Meedercher gekëmmert hunn. Si hunn et also vläicht aus Iwwerzeegungen eraus gemaach, déi ech net onbedéngt deelen, mä et muss een awer unerkennen, dass se doduerch e Mouvement déclenchéiert hunn, dass d'öffentlech Hand duerno reagéiert huet a selwer d'Instructioun an d'Hand geholl huet.

Wann ech zum Beispill op d'Instructioun vun de Meedercher zréckgräifen. 1911 hate mer de Lycée de jeunes filles, dee gegrënnt ginn ass. 1891 ass awer de Fieldgen gegrënnt ginn. Och dat war e Précurseur. Et ass also ganz kloer, dass een et ëmmer am Kontext vun der jeeweileger Zäit muss analyséieren. Wann een dat mécht, da muss een natierlech feststellen an zum Gléck feststellen, dass d'Situatioun haut eng aner ass.

Haut hu mer am privaten Enseignement niewent den traditionelle Kongregatiounsschoulen, wou d'Zuel - an dat ass e puermol hei ënnerstrach ginn - erof gaangen ass vun 1982 un, deemools hate mer nach siwe Kongregatiounsschoulen, haut sinn et der nëmmen nach véier, säit 1982 eng ganz Rei vun internationale Schoulen, déi de Besoinë vun deene Rechnung droen, déi nëmmen zäitweis hei am Land sinn. Déi Schoulen hu sech besonnesch am Laf vun den 80er Joren entwéckelt, esou dass am Gesetz vun 1982 dëse Schoulen nach iwwerhaapt keng Rechnung gedroe gi konnt.

Säithier hunn awer déi sukzessiv Regierungen déi Privatschoulen ënnerschiddlech ënnerstëtzt, mat Infrastrukture beispillsweis, wou säit zwee Joer d'Schüler vun der International School jo awer nawell verwinnt gi sinn, well dat integral vum Stat finanzéiert ginn ass, e Gesetz wat mer hei gestëmmt hunn. Et ass eng Décisioun vun der Regierung geholl ginn, dass d'Energiekäschte vun de Privatschoule vum Stat sollen iwwerholl ginn. Iwwert de Budget ginn all Joers Subsidë gestëmmt, déi un d'Primärschoule vun de Privatschoule ginn.

An do muss ech lech soen, Här President, sinn ech awer e bësse paff, wann ech héieren, dass elo vun de Sozialiste gesot gëtt et wär jo awer schlëmm, dass elo de Préscolaire an de Primaire bei de Privatschoulen och géinge subventionéiert ginn. Et ass eng Décisioun vum Regierungsrot vum 29. Juli 1989, déi dozou gefouert huet, dass säithier Primärschoulen am Privatsecteur 50.000 Frang pro Schüler kruten. Dat war d'Waldorfschoul beispillsweis. Dat war d'St. Georges School an och Ste Sophie. Et gouf also schonn e Subventionnement vun de Privatschoulen am Primaire, allerdéngs ouni legal Basis, mä eng Prozedur mam Consentement vun der sozialistescher Aarbechterpartei.

Den Institut Emile Metz soll traitéiert gi wéi all déi aner Privatschoulen op Basis vum Gesetz vun 1982, mä déi kruten awer vill méi ënnert d'Äerm gegraff. Am Fong ass de Stat bal zu 100% Träger. Woufir? Well déi Fondatioun Vve Emile Metz, där hir Revenuen op ARBEDs-Aktië baséieren, net méi genuch Revenuen huet fir dat ze droen. Och do huet kee Mënsch e Problem dobäi fonnt.

D'Fonctionnementskäschten, do kruten déi traditionell Lëtzebuerger Privatschoulen tëschent 40 an 80%, déi international Schoule kruten näischt opgrond vun deem Gesetz, kruten awer aner Hëllefen, Aides indirectes. Déi eng oder déi aner Schoul krut beispillsweis en Enseignant zur Verfügung gestallt, wou de Stat d'Pei iwwerholl huet. Och dat muss ee wëssen.

Dat ass d'Situatioun esou wéi ech se virfonnt hunn. Dat ass d'Situatioun esou wéi se haut besteet, awer mat enormen Ënnerscheeder. Dat heescht, wann een d'Bedeelegung vum Stat iwwert déi verschidde Subventionéierungsmodalitéiten zesummerechent, da krut bis elo Ste Sophie mat 4.977 Euro pro Schüler am mannsten. Den Institut Emile Metz mat 11.379 Euro am meeschten. Bei den internationale Schoule krut St. Georges School, déi nëmmen e Primaire huet, 1.104 Euro pro Schüler, d'International Schoul krut, wéinst dem Amortissement vun deem neie Gebai, 5.412

Euro. Et ass also kloer, dass déi disparat Situatioun jo awer net konnt unhalen an dass mer hei hu misse Kohärenz erabréngen, an duerfir ass légiféréiert gi fir méi Transparenz do eran ze bréngen.

Mir kréien also duerch dëst Gesetz näischt Neies, mä mir kréien eng legal Basis fir déi Dépensen, déi et schonn iwwert de Budget, iwwert en anere Wee ginn ass, fir déi do eran ze bréngen. D'Regierung hat an hirer Erklärung 1999 festgehalen, dass éischtens d'Privatschoule géingen an de Fonctionnementskäschte méi ënnerstëtzt ginn, dat hu mer och elo gemaach, an dass se bei den Infrastrukture gehollef kréichen. D'Madame Durdu huet och d'Déclaration gouvernementale do zitéiert.

Wann ee vun Ecole privée schwätzt, da muss een awer domat all d'Schoulen, déi ënnert déi Kategorie falen, gesinn, dat heescht déi international, déi konfessionell, de Lycée technique Emile Metz, vun deem am Fong ganz wéineg hei geschwat gëtt, deen awer e ganz grousse Rôle spillt, an d'Waldorfschoul, déi eng alternativ Pedagogik ubitt.

Erlaabt mer zu der Waldorfschoul eng Remarque ze maachen. Et gëtt gesot, d'Schoule missten ideologesch fräi sinn an déi konfessionell Schoule wieren dat net. D'Waldorfschoul, déi huet en Alternativmodell zur Pedagogik entwéckelt, mä dat baséiert awer um Steiner senger anthroposophescher Approche. Och kann een awer soen, dass dat eng ideologesch Approche ass, déi net ka vu jiddferengem gedeelt ginn. Wann een also domat d'accord ass, muss een natierlech am Geescht vum Pluralismus och mat der Approche vun de konfessionelle Schoulen d'accord sinn, soss ass ee wierklech net kohärent.

***(Interruption)***

Den Här Steiner ass sécherlech kee Reliounscréateur, mä et ass gesot ginn, d'Schoul misst ideologesch neutral sinn. Or, d'Waldorfschoul baséiert awer um Steiner senger Philosophie an dat ass och eng extra Approche. Dat däerf een awer net niéieren.

Wat déi international Schoule betrëfft, esou mengen ech behaapten ze kënnen, dass déi meescht hei an der Chamber sech awer eens si wéi wichteg et ass - an dat ass jo och hei duerchgeklongen -, dass mer fir Lëtzebuerg als internationalen, politeschen, kommerziellen, industriellen a finanziellen Zentrum Schoule brauchen, wou déi international Beamten hir Kanner kënne scolariséieren. Déi Kanner maachen hir Scolaritéit nämlech normalerweis méi wéi an engem Land, an dofir musse se hei zu Lëtzebuerg genee wéi an anere Länner oder internationale Plazen awer Konditioune fir d'Aschoulung fannen, wou se vun engem System an engem Land kënnen dann ouni Schwieregkeeten an engem anere Land an d'Schoul goen.

Et ass a mengen Aen illusoresch ze mengen, mir kéinten dat do an der öffentlecher Schoul bidden, vu d'Disparitéit vun all deene Schoulprogrammer, déi déi international Schoule bidden. Et ass also manner Dissenz iwwert d'Wichtegkeet vun den internationale Schoulen, wéi een Auserneeklaffen esoubal et ëm d'konfessionell Schoule geet. D'LSAP déi seet, Ënnerstëtzung fir d'Privatschoulen, awer net fir déi konfessionell. Déi solle vum Stat iwwerholl ginn.

Här President, do fannen ech awer eng fundamental Ongereimtheet dran. Well wa mer de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, passagèrement d'Méiglechkeet ginn de Choix ze treffen hir Kanner hei an eng international Schoul ze dinn, da musse mer jo awer och deenen anere Leit, déi hei zu Lëtzebuerg résidéieren, d'Méiglechkeet ginn hir Kanner an eng privat Lëtzebuerger Schoul ze schécken, och wa se konfessionell ass. Dës Approche gehéiert a mengen Aen zum Wiese vun enger pluralistescher toleranter Gesellschaft.

Als Argument géint besonnesch déi Lëtzebuerger Privatschoule gëtt ugeféiert, et kéim zu engem Zweeklassesystem an déi privilégiéiert Kanner géingen an d'Privatschoulen op Käschte vun der öffentlecher Schoul. Dëst Argument ass och 1982 hei ugeféiert ginn an et ass gesot ginn, elo komme mer zu engem Zweeklassesystem. Ech muss lech soen, ech si frou 20 Joer drop kënne festzestellen, dass déi Ängschten einfach net berechtegt woren. D'Zuele sinn oft genuch hei widderholl ginn. Et ass och gesot ginn, et gi méi Schüler an d'Privatschoulen. Wann een d'Zuelen awer kuckt: 1971 hate mer hei zu Lëtzebuerg - dat sinn awer eréischt 32 Joer hier - 15,9% Schüler an der Privatschoul. Dat ass 1982 op 9,5% erofgaangen, an elo si mer op 11,3%. Dat heescht, 1971 ware wäit méi Schüler am private Schoulsystem, wéi dat haut ass. Och dat soll ee rappeléieren. Esou dass dat Uwuesse vu Kanner, déi a Privatschoule ginn, jo awer net esou grouss ass, wéi 1982 dat virausgesot gi war.

Wann een Zuelen hëlt, muss een awer och kucken am internationale Vergläich - ech wollt dat hei bäifügen -, dass een eppes vergläicht wat vergläichbar ass. Mir huelen ëmmer nëmmen an ons Zuele vu Participatioun oder vun Undeel u private Schoulen déi Kanner, déi am Secondaire sinn oder am Secondaire technique, well mer ganz wéineg Primaire hunn an deem Beräich. An da gëtt d'Rechnung gemaach. Wa mer hei awer d'Primärschoul derbäi huelen a kucken all d'Kanner déi scolariséiert sinn, da komme mer nëmmen nach op en Taux vu 6,1%. Och dat wollt ech hei soen.

Wann da behaapt gëtt, d'Leit géingen éischter op Privatschoulen zréckgräife well d'Populatioun hinnen an der öffentlecher Schoul net géing gefalen, do mengen ech, et ass genuch hei dementéiert ginn, dass dat net de Fall wär. Zum Beispill sinn am Secondaire classique an de Privatschoule méi Auslännerkanner wéi dat an der öffentlecher Schoul ass. Wou mir als öffentlech Schoul ons dann och musse Froe stellen, firwat dat esou ass.

An ech sinn zum Beispill frou, dass mer elo e Projet iwwerhuelen deen an enger Privatschoul initiéiert ginn ass, nämlech Däitsch fir Auslänner op 7e, fir deenen d'Méiglechkeet ze ginn am Classique besser Fouss ze faassen. Mir hunn d'lescht Joer zu Dikrech ugefaangen a wäerten dat elo an anere Schoule viruféieren, mä dat ass am Ufank vun der öffentlecher Schoul net als Offer gemaach ginn. Ech muss lech soen, dass ech déi Offer awer ageféiert hunn. Duerfir brauche mer de Législateur net, dat ass keng grouss Debatt, mä do hu mer eppes vum Privé geléiert, an ech hätt mer gewënscht d'öffentlech Schoul hätt dat scho laang ageféiert.

Wéi ass d'Evolutioun? Dat weess keen, an dofir musse mer dëst Gesetz, wéi all déi aner Gesetzer och genee am A behalen, a wann eng Kurskorrektur muss gemaach ginn, musse mer se maachen. Mä et sinn awer Bremse genuch an dësem Gesetz, genee wéi an deem vun 1982, dass et net zu Abüe kënnt. Et mussen eng ganz Partie Konditiounen erfëllt ginn, fir dass een hei kann eng Schoul opmaachen, net dass een hei mat Lëtzebuerger Steiergelder eng Schoul mécht, déi net an déi Richtung féiert, déi mer ons all wënschen, dat heescht zu engem offiziellen unerkannten Ofschlossdiplom.

Wat d'Avantagë vun der Privatschoul ubelaangt, do gëtt oft gesot, si hätten Offerten an Infrastrukturen, déi déi öffentlech Schoul net kéint bidden, an dat gëtt zemools an der Debatt mat der Ganzdagsschoul ugefouert.

Bei 4.886 Kanner, déi an de Privatschoulen ageschriwwe sinn, si just 10,03%, déi vun där Offer profitéiere fir no véier Auer nach kënnen do ze bleiwen. Et ass also net fir ze soen, d'Kanner ginn an déi Schoul well se do méi Opfangstrukture fannen, well dat kann nëmmen zum Deel esou sinn, well soss géinge jo vill méi Kanner, déi an déi Schoule ginn, wou se déi Strukturen hunn, dovu profitéieren. Et sinn awer nëmmen 10,03%.

Wann ech da kucke wat fir eng Effortë vun der öffentlecher Schoul gemaach si ginn, wat d'Betreiung vun de Schüler ubelaangt, da kann ee bedaueren, dass dat ze spéit ugesat huet. Mä wann ech kucke wat d'Gemenge fir Effortë gemaach hunn an deene leschte Joren, da gesäit een dass am Primaire 60 Gemengen elo Structures d'accueil hunn. An 33 Gemenge besteet schonn eng Prise en charge complète, esouguer fir d'Betreiung während de Vakanzen, wat déi Privatschoulen net hunn.

Et muss een also soen, dass d'öffentlech Schoul do wierklech ganz vill bitt, a wat de Secondaire ubelaangt, esou huet all Secondairesschoul eng Schoulkantin an et muss een och derbäi soen, dass wat d'Offer ubelaangt fir bis véier Auer zum Beispill an der Schoul ze bleiwen, dat schonn zu Gréiwemaacher praktizéiert gëtt, an de Mamer Lycée, deen am Hiersch seng Dieren opmécht, déi Offre scolaire och ubitt.

Wann ech dat dann alles zesummenziele wat an de Gemenge gemaach gëtt an nach amgaang ass do ze entstoen, plus dat wat mer an den öffentleche Lycéeë maachen, dann ass wat déi Offerte, déi d'Betreiung ubelaangt, vun den Infrastrukture bis zu de Strukturen, déi mer hunn, dat schonn déi Privatschoul iwwerschreit, esou dass dat och keen Argument ka sinn.

Et gëtt en Argument gebraucht, dat vun der Autonomie, an et gëtt gesot, do kënnt et jo zu enger Concurrence déloyale, well déi Privatschoule vill méi Autonomie hu wéi déi öffentlech. Jo, déi öffentlech Schoul huet a mengen Aen net genuch Autonomie. An dofir hunn ech den 29. Januar e Projet de loi hei déposéiert iwwert d'Organisatioun vun de Schoulen, deen de Schoulen ebe méi Autonomie soll ginn. Et ass hei gesot ginn, jo dat Gesetz geet awer net wäit genuch. Ech wëll awer net, dass mir als Législateur hei dann am Detail solle virschreiwe wat d'Autonomie ass, mä d'Schoulen d'Méiglechkeet hunn dat vun ënnen erop ze erschaffen. Dass dat net einfach ass wësse mer, an et mussen awer och do Bremsen agebaut ginn. Et sinn der och déi verwiesselen Autonomie mat sech kënne fräi behuelen a just an hirem Klasseraum dat ze maache wat se wëllen. Dat kann d'Autonomie net sinn. D'Autonomie fonctionnéiert nëmme wann ee parallell dozou eng Qualitéitskontroll huet, an dat am Intérêt vun de Kanner.

Ech freeë mech also dass dee Projet de loi, deen ech abruecht hunn, jo dann awer wäert hei op Ënnerstëtzung treffen.

E weidert Argument ass, dass d'Privatschoule géingen am Primaire bevirdeelegt gi vis-à-vis vun de Gemengen. Ech mengen, do si scho genuch Argumenter vu verschidde Riedner hei bruecht ginn.

D'LSAP huet an hirem Pabeier, dee se en Donneschdeg virgestallt huet, gefrot, dass soll mat de Privatschoule kënnen eng Konventioun ofgeschloss ginn. Mä da wëll ech awer den Auteure vun deem Pabeier soen, dass dat am Projet de loi virgesinn ass, nämlech am Artikel 16 steet ganz kloer, dass fir all déi Privatschoulen e Kontrakt gemaach gëtt. Ech sinn net Jurist, ech weess net wat d'Differenz tëschent engem Kontrakt an enger Konventioun ass. Ech ginn awer dovunner aus, dass dat datselwecht ass, sou dass mer dat virgesinn hunn. Et ass net esou dass eng Schoul automatesch Subsidie kritt, mä si muss eng Konventioun maachen, well et gi jo dann Obligatioune fir déi zwou Parteien, déi sech doraus erginn.

E ganz wichtege Volet bei där Diskussioun si selbstverständlech d'Finanzen. A wéi déi Participatioun elo ass, dat huet d'Madame Durdu an hirem Rapport ganz kloer virgeluecht. Et kënnen och keng Abüe sinn, well et gëtt e Kontrollorgan wat dat genee iwwerpréift an dat musse mer och maachen.

Ech wëll awer hei betounen, Här President, déi Mehrausgabe mussen am Budget enthale sinn. Mä dat däerf net op d'Käschte vun der öffentlecher Schoul goen Et steet och an der Regierungserklärung vun '99: „Il est entendu que l'ensemble de ces mesures en faveur de l'enseignement privé ne change aucunement la priorité de l'engagement du Gouvernement en faveur de l'école publique". An dozou stinn ech an dofir wäert ech mech och nach weider asetzen.

De Käschtepunkt ass net ze négligéieren, mä dëse Projet dréit einfach just dozou bäi, dass Ongereimtheeten, déi am Laf vun de Joren entstane sinn, aus dem Wee geschaaft ginn.

Mä am Fong, wann een iwwer Schoul schwätzt, hei gëtt vill driwwer geschwat, da sinn aner Projetë vill, vill méi wichteg. Mir hunn, säit ech '99 ugefaangen hunn, hei zéng Gesetzer gestëmmt an 63 Règlements grand-ducaux, eleng an dëser Legislaturperiod, fir kënnen d'Schoul fonctionnéieren ze dinn. D'öffentlech Schoul muss besser ginn. Et ass nämlech esou, wann een ophält wëlle besser ze ginn, dann huet een einfach schonn opgehale gutt ze ginn. Et muss een also ëmmer probéiere Progrèsen ze maachen an dofir musse mer d'öffentlech Schoul och an d'Lag versetzen dat ze maachen.

Et gëtt elo behaapt, et wir näischt geschitt. Wann ech awer kucken, de Personalmangel, do si mer e gutt Stéck virukomm. Zënter 1999 sinn am Primaire 13,6% méi brevetéiert Enseignanten agestallt ginn. D'Situatioun vun de Chargés de cours ass regulariséiert ginn an am Moment si mer amgaang iwwert de Personalkader ze diskutéieren am Postprimaire, wou mer och an der leschter Zäit vill besser konnte rekrutéieren.

Am Primaire ass d'Zuel vun den Inspekteren eropgesat ginn, et si Bureaux régionaux geschaaft ginn, ebe just wou d'Leit kënnen, Här Scheuer, déi Schwieregkeeten hu mat de Kanner, um direkte Wee sech un déi öffentlech Instanze wenden an ech géing do deem Papp, deen Iech dee Fax geschéckt huet, wierklech recommandéieren, e soll sech dach wann ech gelift direkt un den Inspekter vum Arrondissement wenden. D'öffentlech Schoul wäert ëm do hëllefen. Wann d'Kand nëmmen Englesch schwätzt, kann ech och soen, et ass jo nach am Spillschoulsalter, dass mer en Extraprogramm hunn, fir de Kanner ebe Lëtzebuergesch an der Spillschoul bäizebréngen, esou dass ech mengen, dass et do beschtens opgehuewe wier.

D'Schoulreformen, déi néideg waren, notamment d'Aféierung vum ënneschten Zyklus am Primaire an d'Reform vun der Division supérieure am Enseignement secondaire, lafen. Déi sinn an d'Realitéit ëmgesat ginn. Iwwert de Projet pilote am Secondaire technique hu mer gëschter geschwat. Mir hunn Neibaute vu Schoulen am Plan sectoriel virgesinn, d'Bauprogrammer si fäerdeg, mir hunn och d'Standartisatioun vu Schoulbaute gemaach, woubäi och d'öffentlecht Internat net vergiess ginn ass. Dat soll jo zu Réiden matgebaut ginn.

D'Schoulautonomie an de Partenariat ginn am Projet de loi iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeë gemaach an do hu mer jo d'Procédure législative entaméiert. Wann een awer Schoul seet, da gëtt et Rechter, da gëtt et Flichten. Mä ech muss Iech soen, ech wollt hei aushuelen, fir dass net gesot gëtt, mä ass dat do d'Bildungsoffensiv. Dee Projet de loi, deen hei virläit, ass just eng Regulariséierung vun enger Situatioun, déi sech opgebaut huet, mä et geet hei net ëm d'Bildungsoffensiv. Dat hei ass kee Stéck vun der Bildungsoffensiv, well déi Bildungsoffensiv ass scho laang amgaang an déi baue mer weider aus.

Team-teaching, Tutorat, Cours d'appui obligatoire op Septièmen, Classes fondamentales, dat sinn alles Neierungen, déi et awer gëtt an déi sécherlech zu enger Verbesserung bäidroe fir d'Prise en charge vun deem eenzelne Schüler, ëm deen et ons hei geet.

De Pendant vun enger Schoul, déi fördert, dat ass awer selbstverständlech och eng Schoul, déi muss fuerderen. An allze vill oft huet d'Gefor an der Vergaangenheet bestanen, dass een an der Schoul probéiert huet de Chemin de la facilité ze goen, mat deenen Dériven, déi mer leider konnte constatéieren. Dass dat keng Léisung ka si wësse mer heibannen an dofir pochen ech dorop, dass mer mat Rigueur un d'Affär mussen erugoen, dass mer dat och musse vermëttelen, dass mer mussen de Goût vum Effort vermëttelen a méi op déi verschidde Flichte vun de Partner an der Schoul agoen an net nëmmen op d'Rechter.

De Projet, deen haut zur Diskussioun steet, léist keng pedagogesch Problemer, a scho guer net mat enger Ausenanersetzung ob privat oder öffentlech Schoul. Fir mech mussen déi zwee Systemer, Här President, complémentaire sinn, woubäi d'öffentlech Schoul eng absolut Prioritéit muss behalen. Ech fannen et just schued, dass vu verschidde Säiten hei mat Attacken an Ënnerstellungen operéiert ginn ass, déi einfach an de Faitë scho falsch sinn, wat net zu der Objektivitéit vun dësem Débat bäigedroen huet.

Ech wëll all deene merci soen, déi un dëser Debatt konstruktiv deelgeholl hunn, e besonnesche Merci un d'Membere vun der Educatiounskommissioun, un hir Presidentin a Rapportrice, fir deen excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

E lescht Wuert, Här President. D'Vertrieder vun der LSAP hunn haut gleewe gedinn, an och am Virfeld vun dëser Debatt, de Vote vun dësem Projet wier den Ënnergank vun der öffentlecher Schoul. Ech deelen déi Appréciatioun op kee Fall, well contrairement dann zu der LSAP gleewen ech un déi öffentlech Schoul an un déi Ressorten, déi se huet.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5029 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 15 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 16 ass gelies.

***Amendement 1***

Zum Artikel 16 hu mer en Amendement vum Här Colombera erakritt. Den Amendement ass ausgedeelt an explizéiert ginn. Dir hutt e virun lech leien. Mir kënnen also direkt driwwer ofstëmmen.

***Vote***

Wie fir den Amendement ass stëmmt mat Jo, wien dogéint ass stëmmt mat Neen oder enthält sech.

Den Amendement ass verworf mat 35 Nee-, 12 Jo-Stëmmen an 11 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Ady Jung), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydia Mutsch), Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

Den Artikel 16 ass also ugeholl an där Verfassung wéi e vun der Kommissioun virgeschloe ginn ass.

D'Artikele 17 bis 38 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, da géinge mer elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 5029 iwwergoen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 41 Jo- an 19 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Ady Jung), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot (par Mme Lydia Mutsch), Jean-Pierre Klein (par M. Georges Wohlfart), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Jean Huss);*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

***Motion 1***

Dann hätte mer elo och nach eng Motioun, déi vum Här Robert Garcia eragereecht ginn ass. Si ass ausgedeelt an explizéiert ginn. Dir hutt se virleien.

Ass e Vote électronique verlaangt?

***(Assentiment)***

Mir stëmmen also of iwwert d'Motioun vum Här Garcia.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass ofgeleent mat 33 Nee-, 17 Jo-Stëmmen an 3 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Ady Jung), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Lucien Lux et Jos Scheuer.*

Domadder wär dee Punkt vum Ordre du jour ofgeschloss. Den Här Strotz freet d'Wuert.

## 5. Dépot d'une motion par M. Nicolas Strotz relative à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Här President, am Numm vun de Majoritéitsfraktioune wëll ech hei eng Motioun iwwerreechen, déi d'Regierung invitéiert fir schnellstens e Projet de loi auszeschaffe fir eng Tankstell op d'Saarstrooss ze bauen.

***(Hilarité et brouhaha général)***

Ech wär frou, wa mer mar no der Diskussioun vum Marchés-publics-Gesetz hei iwwert dës Motioun diskutéieren an ofstëmme kéinten.

*Motion*

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la construction de la liaison autoroutière avec la Sarre constitue un élément important de la politique gouvernementale visant à garantir le raccordement de notre pays aux grands réseaux routiers transfrontaliers;*

*- considérant que cette nouvelle autoroute absorbera une partie substantielle de la circulation routière actuelle, encore contrainte de traverser les localités luxembourgeoises situées entre la ville de Luxembourg, respectivement la croix de Bettembourg, et les villages frontière de la Moselle;*

*- considérant que la construction de la liaison autoroutière avec la Sarre mènera ainsi à un accroissement palpable de la qualité de vie dans les localités actuellement encore confrontées avec un trafic de transit intense;*

*- considérant que les autoroutes luxembourgeoises disposent toutes de stations service permettant aux véhicules de se ravitailler en carburant sans devoir quitter le réseau autoroutier;*

*- considérant que cet état des choses évite une circulation de transit excessive à travers les localités situées aux environs des autoroutes;*

*- considérant que les planifications de la liaison autoroutière vers la Sarre ne prévoient pas encore l'installation d'une station-service, pourtant indispensable dans la perspective d'une réorientation complète de la circulation de transit vers cette partie de l'Allemagne et pouvant ainsi garantir l'amélioration de la qualité de vie dans les localités actuellement encore traversées par cette circulation;*

*invite le Gouvernement*

*- à prévoir l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre, afin d'assurer l'utilisation exclusive de la nouvelle autoroute par les véhicules en transit vers l'Allemagne;*

*- à planifier cette installation de manière à limiter autant que possible les retombées nocives pour la population des localités situées aux environs du site de la station;*

*- à élaborer à cet effet un projet de loi modifiant la loi du 16 novembre 2001 relative à la construction d'une liaison avec la Sarre;*

*- à élaborer un projet de loi modifiant la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un Fonds des Routes, afin de déterminer les compétences en matière d'autorisations de construire relatives à la réalisation des projets et équipements routiers énumérés à l'article 6 de la loi précitée.*

*(s.) Nicolas Strotz, Jeannot Belling, Lucien Clement, Marie-Josée Frank, Maggy Nagel.*

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vun där Motioun. Mir gi se weider.

Da kéime mer also zur Diskussioun vum Projet de loi 4942/5032 iwwert d'Gestioun vun der Eisebunnsinfrastruktur.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn agedroen: déi Häre Haupert, Zanussi, Graas, Greisen a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

## 6. 4942/5032 - Projet de loi modifiant la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

***Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports***

M. John Schummer *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir komme mat dësen zwee Projeten, déi elo um Ordre du jour sinn, zum deierste Projet aus dëser Legislatur.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Et geet ëm sage und schreibe zirka 900 Milliounen Euro am Déngscht vum öffentlechen Transport. Dëse Projet war schonn zu engem groussen Deel an allen Detailer am Gesetz vum 24. Juli 2000 presentéiert ginn, esou dass ech net méi op all eenzel Detail hei muss agoen, mä mech nach just op d'Differenze beschränke wäert. Am schréftleche Rapport kënnt Dir souwisou alleguerten déi Detailer in extenso noliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 18. Abrëll 2002 ass de Projet 4942 betreffend d'Gestioun vun der Infrastructure ferroviaire hei an der Chamber déposéiert ginn an de Conseil d'Etat ass den 10. Abrëll mat deem Projet saiséiert ginn. De Projet 5032 ass den 8. Oktober 2002 an der Chamber déposéiert ginn an de Conseil d'Etat ass den 23. September vum Joer 2002 saiséiert ginn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

D'Regierungsamendementer sinn den 30. respektiv den 31. Dezember un de Conseil d'Etat gaangen. Den 28. Januar 2003 huet de Conseil d'Etat säin Avis iwwert déi zwee Projete ginn. D'Kommissioun huet an hirer Sitzung vum 18. Mäerz 2002 déi zwee Projeten examinéiert a meng Wéinegkeet als Rapporteur fir déi zwee Projeten hei désignéiert. Vu dass de Conseil d'Etat déi zwee Projeten an engem Avis aviséiert huet, huet d'Kommissioun sech un déiselwecht Method gehalen. De Rapport ass den 8. Mee 2003 vun der Kommissioun ugeholl ginn.

Éischtens also de Projet 4942. Mam Gesetz vum 24. Juli 2000 ass eng éischt Serie vu Mesuren, déi eng Verbesserung vun der Sécherheet a vun der Qualitéit vum Réseau ferroviaire solle garantéieren, ugeholl ginn. D'Commission de l'Infrastructure ferroviaire, déi de Stat agesat huet, ass chargéiert gi fir en Inventaire an en éischte Bilan vum Gesetz vum 24. Juli 2000 ze maachen an ze ënnerbreeden. An hirem Avis vum 23. November 2001 huet dës Kommissioun op eng Rei Problemer, notamment wat d'Berechnungen an d'Ënnerschätzunge vum Präis vu Säite vun der CFL-Direktioun ubelaangen, opmierksam gemaach.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Et gouf och décidéiert de Projet iwwert d'Moderniséierung an d'Erneierung vun der Linn Lëtzebuerg-Klengbetten provisoresch opzeginn. Ausserdeem gesäit dëse Projet d'Ännerung vum Projet betreffend d'Remise en état vum Viaduc Polvermillen vir. D'Iddi hei dräi Gleiser ze baue gouf abandonnéiert an et gouf décidéiert eng nei Linn op de Kierchbierg via Findel ze bauen, wat de Bau vun enger neier Bréck, déi zweegleiseg soll sinn, parallell zur jëtzeger Bréck Polvermillen, mat sech bréngt.

Eng Réévaluatioun vun den Aarbechten op der Linn Kautebaach-Wolz bréngt eng Augmentatioun vum Coût op 31,5 Milliounen Euro, wat laut Artikel 99 vun der Constitutioun enger gesetzlecher Basis ënnerläit. D'Kommissioun huet d'Initiativ vum Minister vum Transport appréciéiert, fir d'Bugetskontrollkommissioun schonn am Virfeld vun dësem Projet iwwert déi Problemer ze informéieren.

D'Kommissioun adhéréiert och der Invitatioun un d'CFL fir, an ech zitéieren: „d'une part, à créer au sein de l'entreprise les conditions utiles pour assurer à l'avenir une exécution de leurs obligations légales et à préparer une réévaluation des devis sous-estimés tout en expliquant les raisons de l'insuffisance des crédits pour certains projets ainsi que de l'abandon d'autres projets dont la réalisation s'avère impossible dans les conditions de 2000".

Ze soe bleift nach, dass soubal e Konsens tëschent Lëtzebuerg an der Belsch fonnt gëtt, wat d'Liaison Bréissel-Lëtzebuerg betrëfft, dann den Investissement vun der Linn Klengbetten och erëm nogekuckt gëtt. Eis Kommissioun ass der Meenung, dass et gutt wär, wann en Accord kënnt fonnt ginn zwëschent deenen zwee Länner fir d'Linn Lëtzebuerg-Bréissel, quitte dass mir eng Participation financière missten envisagéieren, wann dat gefrot wär.

Zweetens de Projet 5032. Dëse Projet konzentréiert sech haaptsächlech op déi Projeten, déi am Kader vu „Mobilitéit.lu" de 24. Januar vum Joer 2002 an der Chamber presentéiert gi sinn. D'Gesetz vum 24. Juli 2000 hat en Deelausbau op zwee Gleiser vun der Linn Péiteng-Lëtzebuerg virgesinn. Elo baue mer déi Linn net nëmmen deelweis, mä integral, op zwee Gleiser aus. Sou hu mer d'Méiglechkeet vun enger Augmentatioun vun der Offer fir déi Leit, déi aus der Grenzregioun kommen, well mer, duerch deen Integralausbau op zwee Gleiser, d'Kadenz vun den Zich kënne méi grouss maachen.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Dëse Projet gesäit och en duebelt Gleis tëschent Hamm a Sandweiler vir. Dëst gëtt Capacitéite fräi, déi gebraucht gi fir d'Connexioun Train-Tram Findel-Kierchbierg.

Och de Projet betreffend d'Créatioun vun engem „faisceau de remisage pour le matériel roulant en Gare de Luxembourg" ass mat dësem Projet hei betraff.

En attendant eng Approbatioun vun engem Echangeprojet gëtt d'Gesetz vum 24. Juli vum Joer 2000 an deem dote Fall bäibehalen.

De Projet bedréit elo e Montant vun 102,57 Milliounen Euro, géint nëmme 24,79 an deem Projet virdrun.

Och de Projet fir d'Installatioun betreffend d'Sécherheet an d'Telekommunikatioune vun de „postes de signalisation" Wecker, Rued, Éiter a Sandweiler-Konter ass hei bëuecht ginn.

De Projet 18 huet also als Objet d'Realisatioun vun engem integréierten numeresche Radio, ERTMS/GSM-R op der Eisebunnsinfrastruktur, dréit zur Sécherheet vun den Zich bäi an ass Précurseur vun der Harmonisatioun vun den „techniques ferroviaires à l'échelon communautaire", déi nach wäerten op eis zoukommen.

Den Alter an d'Usure vun de Strukture vun der Nordstreck bréngt och hei Renouvellementer vun den Installatioune mat sech. De komplette Renouvellement vum Tronçon Bierchem/Nord-Éiter an de Bou Alzeng ass och ënnert dem Gesiichtspunkt vum neie Viaduc Polvermillen ze gesinn. Aus Sécherheetsgrënn mussen déi Aarbechte virum Bau vum neien Viaduc realiséiert ginn. De Conseil d'Etat huet proposéiert, déi zwee Projeten an engem Text ze regruppéieren; wat och d'Kommissioun selbstverständlech ugeholl huet.

Ech wëll dann zum Schluss nach déi 20 Punkten opzielen, déi dësen Text virgesäit.

***(Interruption)***

Allen 20, Här Scheuer, Dir kënnt se awer och am schréftleche Rapport noliesen, wann et lech ze laang dauert.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Ech hunn dat gemaach!

M. John Schummer *(DP), rapporteur.*- 1. a) D'Linn Zouftgen-Lëtzebuerg gëtt e Montant vun 12,5 Milliounen Euro.

b) D'Linn Zouftgen-Lëtzebuerg (aménagement d'une troisième voie dans le triangle de Fentange, augmentation de la capacité de ligne par l'optimisation des blocs de section, intégration du poste de Berchem, dans le poste directeur de Luxembourg): 27,5 Milliounen Euro.

2. Mise à double voie intégrale de la ligne de Pétange à Luxembourg et renouvellement et modernisation des installations fixes, en particulier dans les secteurs des gares de Pétange et de Rodange: 319.920.000 Euro.

3. Renouvellement complet de voie et des infrastructures de la ligne de Luxembourg à Gouvy, dite „Ligne du Nord“, en particulier de la section de voie Walferdange-Lorenzweiler et augmentation de la capacité de ligne: 14.497.656 Euro.

4. Renouvellement de voie, d'appareils de voie et du poste directeur en gare de Wasserbillig: 23.867.189 Euro.

5. Renouvellement et modernisation des installations fixes des lignes de Noertzange à Rumelange et de Tétange à Langengrund, en particulier dans les secteurs des gares: 9.441.223 Euro.

6. Gare d'Esch-sur-Alzette (modernisation et renouvellement des installations fixes, situation définitive): 25.161.193 Euro.

7. Création d'un faisceau de remisage pour le matériel roulant en Gare de Luxembourg: 102.570.000 Euro.

8. Remise en état du Viaduc Polvermillen en gare de Luxembourg: 15.917.755 Euro.

9. Installation d'un dispositif d'arrêt automatique des trains et installation d'un système de contrôle de vitesse sur l'ensemble du réseau: 24.665.406 Euro.

10. Den Aménagement vun neie Quaië fir Zuchreesender: 9.915.741 Euro.

11. Alimentation du réseau ferré luxembourgeois en énergie électrique de traction, dans l'optique du trafic au début du 21e siècle: 35.101.996 Euro.

12. Renouvellement et suppression de passages à niveau sur l'ensemble du réseau: 12.345.089 Euro.

13. -

14. Renouvellement de voie et d'appareils de voie, aménagement de nouvelles voies et de nouveaux appareils de voie tertiaires et aménagment de supports spéciaux antigraissage dans les aillguilles et apparails de voie: 8.676.273 Euro.

15. Modernisation et sécurisation de l'infrastructure ferroviaire de l'antenne Kautebach à Wiltz: 31.463.086 Euro.

16. Ligne de Luxembourg à Wasserbillig (mise à double voie du tronçon entre Hamm (Polvermillen) et Sandweiler): 113.311.935 Euro.

17. D'Ligne Lëtzebuerg-Waasserbëlleg (modernisation des installations de signalisation et de télécommunication des postes de Wecker, Rued, Éiter et Sandweiler-Konter: 25.606.000 Euro.

18. Réseau ferroviaire luxembourgeois (aménagement d'un réseau radio numérique intégrée ERTMS/GSM-R (partie infrastructure), nëmmen: 25.115.000 Euro.

19. Ligne du Nord (renouvellement d'installations de voie sur plusieurs tronçons de ligne): 40.016.000 Euro.

20. Tronçon de ligne Berchem/Nord-Éiter et courbe de raccordement d'Alzingen (renouvellement complet d'installations de voie): 12.752.000 Euro.

Här President, dat sinn déi Chiffere iwwert déi mir haut ofzestëmmen hunn. Et sinn der vill, wéi gesot, et ass dat deierst Gesetz vun dëser Legislaturperiod an ech hoffen, dass mer den Accord zu deem Gesetz haut fannen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schummer. Als nächste Riedner ass den Här Haupert agedroen. Här Haupert, Dir hutt d'Wuert.

***(Interruption)***

M. Norbert Haupert *(CSV).*- Voilà. Merci, Här Scheuer. Merci, Här President.

Dir Dammen an Dir Häre, nodeem datt de Kolleeg Schummer sou am Detail op dëse Projet agaangen ass, kann ech mech op e puer allgemeng Bemierkunge beschränken, déi mer iwwregens schonn an der Diskussioun zu deenen Interpellatioune vun de Kolleege Marc Zanussi a Fränz Bausch iwwert d'Mobilitéit am Süden hei am Land an iwwert d'Zukunft vun der Eisebunn gehalen hunn.

Här President, wann eis Wirtschaft an deenen nächsten 20 Joer weider sou wäert wuessen an och d'Zuel vun de Leit, déi bei eis am Land wunnen oder iwwert d'Grenze bei eis an d'Land schaffe kommen, an der Zukunft sou wäert zouhuelen, da wäerten am Joer 2020 65% méi Bewegunge vun de Leit bei eis am Land geschéien, wéi dat haut de Fall ass.

Wa mer dann net wëllen am Stroosseverkéier erstécken, da musse mer méi Bewegunge vum individuellen Transport op de kollektiven Transport kréien, a besonnesch méi Transporter vun dem Stroossentransport op de Schinnentransport.

Wa mer dann dat Zil vun engem Modal split vu 25/75 wëllen erreechen, da mussen dräimol méi Leit op den öffentlechen Transport wéi dat haut de Fall ass, a fir d'Grenzgänger mussen dat souguer véiermol méi Leit si wéi mer dat haut hunn.

Wa mer also wëlle verhënneren, datt mer moies an owes stonnelaang am Stau op eisen Autobunne stinn, da musse mer dozou bäidroen, datt de Verkéier duerch d'Stad entlaascht soll ginn. Oder wa mer wëllen datt de Verkéier duerch d'Stad soll entlaascht ginn, da musse mer engersäits d'Offer vum öffentlechen Transport a Richtung Haaptstad verbesseren, an anererséits den Duerchgangsverkéier duerch de Stater Zentrum verhënneren.

Dofir brauche mer engersäits en Ausbau vun eisem nationalen Eisebunnsnetz an den Aménagement vun Opfänkparkingen op de Grenze vun eisem Land, an anererséits awer och d'Organisatioun vum öffentlechen Transport aus dem Süden an dem Norde ronderëm d'Stad a Richtung Findel a Kierchbierg an, wie weess, vläicht eng Kéier spéider bis op de Lampertsbierg.

Här President, mir wëssen awer och, datt d'Attraktivitéit vum öffentlechen Transport net nëmmen eleng vum Ausbau an der Verbesserung vun den Infrastrukturen ofhänkt, awer och a besonnesch vun der Qualitéit vum Service, deen um öffentlechen Transport ugebuede gëtt. Besonnesch am Beräich vum Persouneverkéier ass et wichteg, datt d'Leit regelméisseg, schnell, komfortabel, pünktlech a sécher gefouert ginn.

Dofir muss d'Material vun eiser Eisebunn e Verjéngerungsschub kréien an de Service vun der CFL muss wesentlech verbessert ginn. Dofir ass awer net den Transportminister, mä d'Eisebunnsgesellschaft selwer zoustänneg, an de President vum Verwaltungsrot huet jo an deem Sënn eng Qualitéitsanalys ugekënnegt, un déi d'Clientë vun der CFL mat sollen agebonne ginn.

Wa mer also a manner wéi 25 Joer e Modal split vu 25% wëllen erreechen, a mir wëssen datt haut schonn an de Spëtzestonnen eise Réseau iwwerlaascht ass, da komme mer fir eist Zil ze erreechen net laanscht den Ausbau vun eise bestehende Linnen. Dësen Ausbau muss mat Rücksicht, éischtens op rationell Verbindungen zu deenen eenzelne Géigenden an eisem Land, zweetens mat Rücksicht op besser Verbindungen zu eisen noe Grenzgebidder, drëttens mat Rücksicht op gutt Uschlëss un déi international a besonnesch un déi europäesch Héichgeschwindegkeetslinnen, a véiertens mat Rücksicht besonnesch op d'Sécherheet vun de Leit geschéien.

De Kolleeg John Schummer ass am Detail op déi eenzel Projeten, déi an dësen zwee Projets de loi virgesi sinn, agaangen, erlaabt mer dofir just zwou Bemierkungen.

De Projet de loi, an de Kolleeg Schummer huet et och schonn ernimmt, dee gesäit vir d'Erneierung an d'Modernisatioun vun der Streck Lëtzebuerg-Klengbetten ze abandonnéieren. Dës Décisioun ass besonnesch op de Refus vun enger raisonnabeler Diskussioun a Kollaboratioun vun der belscher Eisebunn iwwert d'Streck Bréissel-Lëtzebuerg zréck ze féieren. Dës Diskussioun ass ëmsou méi bedauerlech well mer iwwert déi Streck mat engem Prolongement op Stroossbuerg déi eenzeg Méiglechkeet gesinn, fir eng direkt Verbindung zu engem europäeschen Héichgeschwindigkeetsnetz ze kréien. Dofir wier d'Regierung gutt beroden, esou wéi et am Exposé des motifs geschriwwen ass, dee Projet erëm esou schnell wéi méiglech op de Leescht ze huelen, wann d'Méiglechkeet vun enger méi intensiver Kollaboratioun tëschent deenen dräi Eisebunnsgesellschafte sech erëm bitt.

Här President, de Projet de loi enthält eng Rei vu Projeten, déi schonn am Gesetz vum 24. Juli 2000 virgesi waren an déi hei erëm nei hu missen ugefouert ginn, well déi finanziell Enveloppe, déi 2000 gestëmmt gouf, wäitgehenst net méi duergeet. Wa mer dee Schratt vum zoustännege Minister och hei begréissen, wéinst der Korrektheet géintiwwer enger vum Parlament gestëmmter Enveloppe, esou stellt et dach eng schlecht Zensur duer fir de Seriö vun der Aarbecht vun den zoustännegen Instanzen, déi d'Berechnung vun de Projeten opgestallt hunn.

Eleng wat d'Prestatioun vun der CFL selwer an deene Projeten ubelaangt, esou ass d'Enveloppe vu ronn 9 op 13 Milliounen Euro an d'Luucht gaangen, dat heescht ëm méi wéi 44%, wat een hei muss ervirhiewen, awer och bedaueren.

Här President, well de Projet an d'Richtung vun enger Verbesserung a vun enger Modernisatioun vun eisem Eisebunnsnetz a mat hir zu enger besserer Offer vum öffentlechen Transport an domat zu enger Entlaaschtung vum Stroosseverkéier wäert féieren, wäert eis Fraktioun dëse Projet stëmmen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Haupert. Als nächste Riedner ass den Här Zanussi agedroen. Här Zanussi, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet, dee mer haut diskutéieren, ass fir den öffentleche Schinnentransport an domadder och fir d'Eisebunn e ganz wichtege Projet. Dëse Projet gëtt eng zweete Kéier schonn nogebessert, well et ass e Projet, dee mer zu engem Deel schonn am Juni d'lescht Joer diskutéiert hunn, e Projet, dee vun der leschter Regierung den 28. Abrëll 1999 deponéiert ginn ass.

Déi Texter, déi mer hei virfannen, begräifen eng ganz Rei vu wichtegen Infrastrukturprojete fir d'Eisebunn hei zu Lëtzebuerg. Wann een de Résumé mécht vun alleguerten deene Projeten, déi an dësem Gesetz enthale sinn, da kéint een et eigentlech an dräi verschidde Kategorien andeelen.

Engersäits Projeten, déi sech mat der bestoender Infrastruktur vun der Eisebunn beschäftegen an der Tatsaach Rechnung droen, dass d'Capacitéit, déi op der Eisebunn verlaangt gëtt, esouwuel am Gidderverkéier wéi och am Persounentrafic muss an d'Luucht gesat ginn. Et si Verbesserungen déi dozou féiere wäerten, d'Pénktlechkeet an de Komfort eropzesetzen. Et si weider Verbesserungen, déi noutwenneg sinn, wann e weess dass den Eisebunnsréseau an d'Schinneninfrastruktur ëmmerhin en Alter vu ronn 150 Joer hunn. Dat ass den éischten Deel vun de Projeten.

Den zweeten Deel vun de Projete beschäftegt sech mat där ganz wichteger Fro vun der Sécherheet - den Här Schummer ass och dorobber schonn agaangen -, mat de Stellwierker a mat dem Telefonsréseau, déi hei nei konzipéiert gi fir méi Sécherheet ze garantéieren.

En drëtte Volet vun de Projete beschäftegt sech mat Projete vun der Eisebunn an dem Schinnentrafic, Projeten déi fir d'Zukunft geplangt sinn, wéi zum Beispill d'Ubannung vum Kierchbierg, respektiv vum Findel.

Am Zesummenhang mat deem Projet hei muss ee soen, dass et déi éischte Kéier ass oder eng vun den éischte Kéiere wou den Term „Mobilitéit.lu“ an engem Document parlementaire optaucht. An déi Fro, déi schonn e puermol hei gestallt ginn ass, déi kéint een da vläicht heimat beäntwert kréien, nämlech dat wat dann elo de Statut vun deem Dokument „Mobilitéit.lu“ ass. Ass dat elo déi definitiv an offiziell Positioun vun der Regierung? Déi Fro hu mer bis elo nach net beäntwert kritt. Et wär vläicht dëst d'Geleeënheet fir dorop ze äntwerten.

Da muss ee soen, dass am Rapport vun der Kommissioun den Avis vum Conseil d'Etat eigentlech e bësse spärlech behandelt gëtt. Et sinn nëmme véier Zeilen dovun am Rapport dran. Ech wëll awer hei ervirsträichen, dass de Conseil d'Etat sech liicht driwwer ausléisst iwwert dat legislatiivt Gewulls, dat am Zesummenhang mat dësem Projet entstane war. Et muss een och bemierken, dass de Conseil d'Etat grad esou wéi de Conseil économique et social eigentlech d'Regierung froen, ob se an der Fro vum öffentlechen Transport e Gesamtkonzept huet. E léisst Zweifelen dorun opkommen, Zweifelen déi mir als LSAP jo och hunn a besonnesch an deene leschte Wochen a Méint op dëser Tribün zum Ausdrock bruecht hunn.

An dann, denken ech, ass et an dësem Kontext wichteg nach eng Kéier d'Regierung drun ze erënneren - de President vum Verwaltungsrot huet jo elo nom Streik op der Eisebunn dat och nach eng Kéier bekräftegt -, dass endlech dat Strategiekonzept soll virgeluecht ginn. Laut leschten Aussoen soll dat an engem Mount sinn. An der Hoffnung, dass dat da geschitt, am Intérêt vun der Eisebunn, mengen ech, wäre mer an deem Punkt e konkrete Schrëtt weiderkomm.

Zu deene Projeten, déi an dësem Gesetz dra sinn, wéilt ech just e puer Kommentare maachen zu eenzelne Projeten, wou et Ëmännerunge gëtt. Ee Punkt ass effektiv d'Tatsaach, dass de Projet iwwert d'Erneierung vun der Streck Lëtzebuerg-Klengbetten zréckgestallt ginn ass. Aus dem Rapport geet ervir, wat d'Ursaach dovun ass. Et kéint ee vläicht vum Transportminister haut héieren, ob et an deem Zesummenhang Neies ze melle gëtt aus de Gespréicher mat der belscher Regierung, well dee Projet wierklech trotzdeem fir de Schinneverkéier eng grouss Bedeitung huet, an d'Tatsaach och, dass d'Streck an engem ganz schlechten Zoustand ass. A wann ech mech richteg erënneren, ass och ausgangs d'lescht Joer e Brand an engem vun de Stellwierker gewiescht, sou dass dee Projet schonn eng gewësse Bedeitung huet. Et wär vläicht flott de leschte Stand vum Minister doriwwer gewuer ze ginn.

D'Fro vun der ganzer Dédoubléierung vun der Streck Lëtzebuerg-Péiteng ass natierlech eng wichteg an eng gutt Saach. Domadder brénge mer et net nëmme fäerdeg fir d'Capacitéit an d'Luucht ze schrauwen, mä et dréit och dozou bäi, dass mer de Gidderverkéier iwwert déi dote Streck direkt an d'Stad kënne féieren, ouni dass duerch déi Geräicher, déi domat verbonne sinn, an duerch d'Tatsaach, dass se elo iwwert déi dote Streck kënne fueren an net méi iwwert deen Deel vu Gleis brauchen ze fueren, dee laanscht an duerch d'Uertschafte geet, de Leit, déi do wunnen, eng Rei vu Suergen am Zesummenhang mat deem ënner Ëmstänn entstoende Kaméidi ewechgeholl ass.

Dann e véierte Projet, dee vun der Duebelgleisegkeet vun der Streck Hamm-Sandweiler. Dat ass och e ganz wichtege Projet, net nëmmen am Zesummenhang mat der zukünfteger Ubannung vum Kierchbierg a vum Findel, mä och aus der Tatsaach eraus, dass déi Duebelgleisegkeet dem ganze Réseau insgesamt eng gewësse Flexibilitéit an eng gewësse Fluiditéit bréngt, well duerch d'Tatsaach, dass d'Zich sech do kënne kräizen, d'Zich net méi mussen een op deen anere waarden an dass Verspéidungen, déi mer um Réseau an der Vergaangenheet haten, iwwert deen heite Wee geléist ginn. Et ass also e Plus fir d'Qualitéit a fir d'Pénktlechkeet vun dem Schinnentransport insgesamt.

E fënnefte Projet, iwwert dee scho vill hei geschwat ginn ass, ass dee vun deem neie Centre de maintenance. Effektiv schaffe jo do e puer honnert Leit. A wann ëmmer hei vun der Noutwennegkeet geschwat gëtt, dass d'Eisebunn och soll effizient a rationell schaffen, dann ass eng vun de Viraussetzungen natierlech déi, dass och een Aarbechtsgeschier zur Verfügung gestallt gëtt, wat dat erlaabt. A wann dee Projet elo a senger finaler Konzeptioun vun engem Budgetskredit vu 24 Milliounen op 102 Milliounen eropgaangen ass, dann, denken ech, wäert dat jo déi lescht Variant vu Konzeptioun sinn a bréngt dann och hoffentlech deen erwaarte Succès.

E virleschte Punkt ass dee vun der Sécherheet. Den Här Schummer huet kuerz dorop higewisen, dass eng Rei vun Stellwierker erneiert ginn: zu Wecker, zu Rued-Sir, zu Éiter an zu Sandweiler. Dass och zousätzlech e GSM-R agefouert gëtt. „R“ steet an dësem Zesummenhang fir Rail. Also en Telefonsréseau konzipéiert gëtt, deen ofgesécht ass, deen net ka gestéiert ginn an deen erlaabt, dass permanent mat dem Zuchführer a mat de Stellwierker Kontakt opgeholl ka ginn. E Plus fir d'Sécherheet.

Schlussendlech nach eng kleng Fro zu deem Projet iwwert d'Gleisverlängerung Richtung Zouftgen. Et gesäit esou aus, wéi wann dee Projet innerhalb vun deem nächste Joer kéint realiséiert ginn. Ech wollt de Minister nach eng Kéier froen, wat de leschte Stand vun deem Projet ass, well mir selbstverständlech zu Diddeleng interesséiert si wéi dee Projet avancéiert. Mir erwaarden eis als Stad, dass eng Rei vu Problemer am Beräich vum Parking kënne geléist ginn. D'Leit kënnen dann direkt an den Zuch klammen.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Ech hunn net gutt verstanen: Zouftgen oder Volmereng?

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- D'Gleisverlängerung vun Diddeleng weider a Richtung Frankräich.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Wann et dat ass, ass et jo no Volmereng. Dir hat Zouftgen gesot.

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Et ass awer selbstverständlech Volmereng gemengt. Et géing mech interesséiere wéi do de leschte Stand ass, well dee Projet eis ganz speziell als Stad interesséiert aus der Iwwerzeegung eraus, dass mer domadder eng Rei vu Leit vun dem Parking Jean Fohrmann a vum Parking bei dem Centre de documentation ewechkréien, déi dann den Zuch zu Volmereng huelen. Et wär flott do de leschte Stand ze kréien.

Dann nach eng Bemierkung, déi och vun der Budgetskontrollkommissioun an och am Rapport vun der Kommissioun gemaach ginn ass iwwert d'Tatsaach, dass d'Eisebunn sech eigentlech sollt déi noutwendeg Instrumenter ginn a Viraussetzunge schafen, fir dass déi Kreditiwwerschreidunge mat deene mer haut konfrontéiert sinn eigentlech an Zukunft net méi sollte virkommen an d'Projete besser sollen évaluéiert ginn.

Et muss ee sech natierlech d'Fro stellen, ob d'Eisebunn mat deem bestoende Personal, wat se huet am Beräich vun den Techniker an Ingenieuren, am Moment an der Lag ass alleguerten déi Projeten, déi do op se duer kommen, ze realiséieren an deem Zäitplang, dee vun der Politik gewënscht ass, a mat deene Suen, déi elo vun der Chamber zur Verfügung gestallt ginn.

Als Schlussfolgerung an als Ofschloss géing ech soen, dass mat deem Gesetz hei selbstverständlech net all d'Mobilitéitsproblemer vum Lëtzebuerger Land geléist ginn, mä dass et awer fir dat aktuellt Ugebuet op der Schinn eng zolidd Verbesserung duerstelle wäert an ech géing och heimat den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksaamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Zanussi. Als nächste Riedner ass den Här Graas ageschriwwen. Ech ginn Iech domat d'Wuert, Här Graas.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Mobilität ist ein wesentlicher Bestandteil sowohl der Lebensqualität des Einzelnen als auch der Wettbewerbsfähigkeit der Unternehmen", dat stung 1999 am Wahlprogramm vun der Demokratescher Partei. Dat mannst wat een haut ka soen, dat dass datt zënter d'DP an der Regierung ass, wou si och d'Kompetenz elo huet fir den Transport, dass se dozou bäigedroen huet, datt jo schonn eng Rei vun Initiative vun dëser Regierung getraff goufe fir den öffentlechen Transport hei zu Lëtzebuerg nach ze verbesseren. Virun allem an d'Schinneninfrastruktur, an dëse Projet ass de beschte Beweis, gëtt jo elo massiv investéiert.

Et ass evident, datt d'Lëtzebuerger Eisebunn viru groussen Défië steet an et si jo Leit, déi soen, datt si an hirer ganzer Geschicht nach ni virun esou groussen Défië gestanen hätten. Sécher d'Libéralisatioun vun eenzelnen Déngschtleeschtungen ënner anerem jo och vun der Eisebunn dréit dozou bäi, dass een natierlech muss gewëssen Adaptatioune virhuelen. Och wann d'Libéralisatioun vläicht net no jiddferengem sengem Geschmaach ass, esou kann een allerdéngs d'Rad vun der Zäit net ophalen. Et gëllt also elo déi nei Erausfuerderungen unzehuelen, awer allerdéngs och net zu egal welchem Präis.

Wann d'Eisebunn soll eng Zukunft hunn, an dat wëlle mir als Demokratesch Partei, da muss een och elo déi richteg Investissementer virhuelen. Et kann een natierlech och net hei verheemlechen, datt eng Rei vun Adaptatiounen och d'Konsequenz vun europäeschen Direktive sinn. Ech wëll och op dëser Plaz nach eng Kéier drun erënneren un zwee wichteg Gesetzer, dat eent vum 10. Mee 1995 an dat anert vum 28. Mee 1997, wou ënner anerem jo de Lëtzebuerger Stat d'Schold vun der Eisebunn iwwerholl hat a wou d'Eisebunn och am Kader vun enger Kapitalerhéijung Finanzmëttel zur Verfügung gestallt krut.

Op där anerer Säit krut d'Eisebunn jo awer och eng Autonomie de gestion zougesprach. D'Relatioun zwëschent dem Stat an der Eisebunn gouf iwwregens an der Geschicht schonn e puermol festgeluecht. Ech wëll allerdéngs do net weider an d'Detailer goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fréier war u sech d'Eisebunn an den Ae vun de Leit e Symbol fir Fortschrëtt an et war deemools dat modernst, dat séierst an dat bequemste Fortbewegungsmëttel. Haut ass dat natierlech e bëssen aneschters an déi fréier Romantik ass lues a lues e bësse verluer gaangen. Duerfir brauch d'Eisebunn u sech och e bëssen eng nei Imagefleeg fir am Bewosstsäin vun de Leit erëm méi present ze sinn.

Den TGV ass awer do ouni Zweifel e gutt Mëttel an en neit Symbol fir Fortschrëtt. Duerfir ass et och begréissenswäert, och wann dat elo an dësem Projet net virgesinn ass, datt mer awer d'Intentioun hu fir eng Ubannung un den TGV-Est virzehuelen.

Wa mer natierlech vun enger neier Imagefleeg vun der Eisebunn schwätzen, da musse mer awer och vun der Acquisitioun vun neiem Material schwätzen an dann denke mer natierlech awer och un d'Moderniséierung respektiv un den Ausbau vun dem Réseau. Dat geschitt jo ënner anerem och mat dësem Gesetz, well et gesäit ee jo op Basis vun deenen neien Devisen, datt elo iwwer 900 Milliounen Euro investéiert ginn, an zwar virun allem an den Ausbau vun dem Réseau.

Ech wëll nëmmen drun erënneren, datt mer 1913 389 Kilometer Normalspurbunnen haten an dozou sinn dann nach 141 Kilometer Schmuelspurbunne komm. 2001 waren dat am Total awer nëmme méi 274 Kilometer, dovun 140 Kilometer Duebelgleiser an 134 Kilometer Eegleiser. Et sinn also an deene leschte Jorzéngten eng ganz Rei vu Linne verschwonnen. Si déngen zwar haut, wéi zum Beispill d'Atertlinn, aneren Zilsetzungen, doriwwer kann ee jo haut mam Vëlo flott driwwer fueren, mä si sinn awer op där anerer Säit natierlech fir den öffentlechen Transport verluer gaangen.

Mat der brisanter ekonomescher Entwécklung vun eisem Land stelle sech awer noutgedrongen och nei Problemer um Niveau vun der Mobilitéit. Mir hu jo an deene leschte Joren enorm vill och an de Stroossebau investéiert, mä och do gesäit een, datt mer awer lues a lues u gewësse Limitë stoussen. D'Gedrécks op eisen Autobunnen an op den Haaptachsen, besonnesch an de Spëtzestonnen, wäert awer leider an deenen nächste Joren och net ofhuelen, an duerfir ass et also wichteg datt mer nach verstäerkt an den öffentlechen Transport investéieren.

Dat ass net nëmmen am Intérêt vun de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, mä et ass virun allem och am Intérêt vun deene mëttlerweil iwwer 100.000 Frontalieren, déi jo all Dag an eist Land schaffe kommen. Grad d'Verduebelung vun der Linn Péiteng-Lëtzebuerg erlaabt et ville Grenzgänger aus der Belsch an och aus Frankräich an Zukunft méi verstäerkt op den Zuch ëmzeklammen, well jo eben duerch dës Infrastruktur och elo zousätzlech d'Frequenze kënnen erhéicht ginn. Dat bréngt et natierlech och mat sech, datt zousätzlech Park&Ride-Parkinge mussen aménagéiert ginn, esou zum Beispill ass dat jo och virgesinn am Raum Dippech-Reckeng. Dës Verdueblung vun der Streck mécht et awer och méiglech, dass an Zukunft den Zuch ka bis an d'Belsch a virun allem bis op Virton fueren.

Dann däerf ee jo och net vergiessen, datt ronn 55.000 Leit haut - an ech beruffe mech hei op Chifferen, déi geleeëntlech vum Streik leschte Freiden avancéiert goufen - all Dag den Zuch huele fir op hir Aarbecht ze kommen. Dëse Chiffer kann u sech nach erhéicht ginn, wa mer wéi gesot elo déi richteg Jalone setzen. Dat bedéngt natierlech awer och besser Verbindungen an de Spëtzestonne virzegesinn, well - a jiddfereen, deen alt scho mam Zuch gefuer ass, kann dat nëmme confirméieren - wann een op der ganzer Streck muss stoen a keng Sëtzplaz huet, dann iwwerleet een et sech zweemol, ob ee soll mam öffentlechen Transport fueren. Op där anerer Säit ass et natierlech esou, esou laang ee méi séier mam Privatauto op seng Aarbechtsplaz kënnt, esou laang huet een natierlech éischter Tendenz fir sech nach wie vor mat sengem Auto fortzebewegen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

En aneren Nodeel, deen natierlech munchmol optaucht, dat ass den Déplacement vun doheem op de Point de départ. Fréier war et kee Problem, wann een een oder zwee Kilometer huet misse goen, mä mer wësse jo wéi et haut ass, dass wann ee méi wéi zéng Minutte muss goen, bis datt een op enger Gare ass, datt do sech awer schonn eng Rei vu Leit beschwéieren. Dowéinst muss een och driwwer nodenken, ob net sollen zousätzlech Zoubréngerdéngschten agesat ginn. Eenzel gréisser Gemenge si jo schonn dozou iwwergaang fir sougenannte Citybussen anzesetzen. Op där anerer Säit ass et natierlech och noutwendeg, datt an der Enceinte vun de Garen zousätzlech Parkingen aménagéiert ginn. Natierlech muss och dru geduecht gi fir insgesamt de Confort vun der Bunn ze erhéijen.

Dir Dammen an Dir Hären, an dem Kader vun dem Programm „Mobilitéit.lu", dee jo schonn e puermol hei ugeschnidde ginn ass, ass jo och ënner anerem eng Schinnenubannung vum Kierchbierg iwwert de Findel virgesinn. Ech mengen dat ass eng Décisioun, déi mir als Demokratesch Partei nëmme begréisse kënnen, well sech de Kierchbierg jo och ëmmer méi zu engem wierklech gréisseren Zentrum entwéckelt, wou ganz vill nei Aarbechtsplaze kreéiert ginn. Dowéinst ass et och ze ënnersträichen, datt dee Projet elo wäert an noer Zukunft hei zur Diskussioun stoen.

De Projet vun haut, dee jo - an de Rapporteur John Schummer huet dat jo däitlech hei ënnerstrach - an deene wesentleche Punkten adaptéiert gëtt, well eben am Laf vun deene leschte Joren nei Erkenntnisser komm sinn an duerfir eben déi Devisen hu missen ugepasst ginn, huet ouni Zweifel eng Inzidenz op de Wuerentransport vun der Eisebunn. An dësem Kontext muss ee leider nach eng Kéier drun erënneren, datt besonnesch dee Métier vun der Eisebunn zimlech déficitaire ass. Ech beruffe mech hei och op Aussoe vum Wirtschaftsminister, déi hien déi leschte Kéier hei op der Tribün gemaach huet, datt dee Métier mat ronn 35 Milliounen Euro d'Joer un Defizit ofschléisst. Dat ass natierlech e Chiffer, deen u sech fir d'Zukunft net méi vertrietbar ass.

Op där anerer Säit huet de Wuerentransport an deene leschte Joren ofgeholl. Esou sinn zum Beispill 7% manner Tonnen 2001 par rapport zum Joer 2000 iwwert d'Schinn transportéiert ginn. Eng europäesch Etüd huet iwwregens gewisen, datt insgesamt den Undeel vun dem Wuerentransport iwwert d'Schinnen an deene leschte Jore leider ofgeholl huet, esou datt awer do mussen Investissementer gemaach gi fir déi Situatioun ze redresséieren.

Virun allem awer den Ausbau vun der Streck Lëtzebuerg-Beetebuerg op Zouftgen, wou jo eng nei Drëttstreck kann ee bal soen aménagéiert gëtt, wäert awer och dozou bäidroen, datt eben do kënnen d'Frequenzen erhéicht ginn, an datt vill méi Wuere kënnen iwwert déi Gleiser ofgewéckelt ginn, well et däerf een net vergiessen, datt jo grad déi Streck en internationale Charakter huet, well se an der Transitlinn läit zwëschent dem Nordmier an dem Süde vun Europa.

Frou wäerte se natierlech awer och op der Eisebunn sinn, datt en neie Remisage fir de Matériel roulant aménagéiert gëtt, fir u sech dann och déi al Atelieren opginn ze kënnen. Et läit jo elo erëm en neie Projet vir, dee mat sech bréngt, datt deen éischte Projet vum Gesetz vum 24. Juli 2000 fale gelooss gëtt. An deem neie Projet sinn elo wéi gesot ronn 78 Milliounen Euro méi virgesinn, fir kënnen dee Remisage do ze aménagéieren. Domadder missten dann also och d'Eisebunner an Zukunft iwwer adequat Infrastrukture verfügen, fir kënnen dem Entretien vum Material nozegoen, wat jo u sech och eng Selbstverständlechkeet an Zukunft bleiwe muss.

Mä och der Sécherheet dréit jo dëse Projet ouni Zweifel eng grouss Rechnung. Ech mengen, dat ass och ouni Zweifel eppes wat elementar ass.

Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet vun haut maache mer ouni Zweifel eng wichteg Etapp vun engem Gesamtkonzept, wat do heescht der Eisebunn eng Chance fir d'Zukunft ze ginn an den öffentlechen Transport ze verbesseren. Dat gesot, wëll ech selbstverständlech hei den Accord vu menger Fraktioun bréngen, ouni awer ze vergiessen nach ofschléissend mengem Fraktiounskolleeg, dem John Schummer, merci ze soe fir seng ausféierlech Rapporten.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den nächsten Diskussiounsriedner ass den Här François Bausch. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech kéint natierlech elo, wann ech wéilt, profitéiere vun dësem Projet hei fir nach eng Kéier des Laangen an des Breeden dat nämlecht ze erzielen, wat ech d'lescht Woch hei erzielt hunn op der Tribün, mä ech wëll Iech dat awer erspueren. Un Äre Gesiichter gesinn ech och, dass Der ganz gutt verstanen hutt, wat ech Iech hei d'lescht Woch erkläert hunn. Duerfir erspueren ech mer dat.

Här President, et ass fir eis selbstverständlech, dass mer dëse Projet wäerte stëmmen. D'Ursaachen dovunner sinn am Rapport hei ganz gutt zitéiert ginn an déi entspriechen och deem wat ech d'lescht Woch a menger Ried hei gesot hunn. Ech wëll just profitéiere fir vläicht zwee Sätz zu deem Volet ze soen, deen am Fong weder mat dësem Projet gekläert ass, nach mat deenen déi mer wäerten an deenen nächste Méint stëmmen, nämlech zu dem Opérateur, deen an Zukunft iwwert déi vill Schinnen do fuere soll oder fiert, nämlech zur CFL.

Mir hunn e Konflikt gehat d'lescht Woch op der Eisebunn, e Streik vu 24 Stonnen iwwert deen ee kann hale wat ee wëllt. Allerdéngs ass et esou, datt ee Punkt de Moment fir grouss Veronsécherung suergt, esou gutt bei der Belegschaft wéi ech mengen awer och an der öffentlecher Diskussioun, dat ass: Wat geschitt mat där Gesellschaft do? Wat ass d'Zukunft vun där Gesellschaft a wou wëllt déi Gesellschaft histeieren? Ech schwätzen do vun deem ominéise Strategiepabeier vun der CFL. Ech mengen, all Efforten, déi de Stat och wäert maachen an nächster Zäit fir d'Infrastruktur ze verbesseren, ginn natierlech nëmmen e Sënn, wann een och weess a wéi eng Richtung déi CFL-Gesellschaft do wëllt an Zukunft iwwert déi Gleiser fueren.

Ech géif mengen dass et noutwendeg wier, dass och de Stat seng Responsabilitéit géif iwwerhuele fir dofir ze suergen, dass dee Strategiepabeier esou séier wéi méiglech, an deenen nächste Woche géif ech souguer soen, endlech emol bekannt géif ginn. E soll awer net nëmme bekannt gemaach ginn andeem en an der Öffentlechkeet virgestallt gëtt, mä ech mengen datt mat Sécherheet an deem Pabeier vill Saachen drop stoe wäerten, déi och erëm eng Kéier de Stat betreffen an deementspriechend natierlech och de Législateur, dat heescht dass d'Chamber och domadder befaasst gi muss.

Ech wär frou, wann de Minister eis hei scho kéint haut d'Wuert ginn, dass mer dee Strategiepabeier nach virum Summer kéinten an der betreffender Kommissioun, an der Transportkommissioun vun der Chamber, eng Kéier diskutéieren. Ech mengen et géif sécherlech e Sënn maache fir ze kucke wat dat fir de Stat a fir de Législateur an deenen nächste Méint a Jore bedeit.

Dat gesot, Här President, verweisen ech op meng Interpellatioun vun der leschter Woch a soen lech, dass mer dëse Projet stëmme wäerten.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit e grousse Merci un all déi Persounen, déi un deem Projet matgeschafft hunn.

Wourëms et haut geet, dat ass schonn hei gesot ginn, d'Regierung freet Sue fir an eist nationaalt Eisebunnsnetz ze investéieren a leet eng Lëscht vun 19 verschiddene Bauprojete vir. Duerfir wëllt d'Regierung den Artikel 10 ëmänneren aus dem Gesetz vum 10. Mee 1995 iwwert d'Gestioun vun den Eisebunnsinfrastrukturen. An dësem Artikel 10 ass de Fonds du rail agefouert ginn, deen d'Ausgaben iwwerhëlt fir den Investitiounsprogramm vun der CFL an der Regierung. An engem zweete Gesetz vum 24. Juli 2000 sinn eng Rei vun Investitiounsprojeten ugeholl ginn, och mat de Stëmme vum ADR.

Haut, mat dësem duebele Gesetzesvirschlag, gëtt eng Zomm vu bal 900 Milliounen Euro fir 19 verschidde Projeten investéiert. Dat sinn eppes 36 Milliarden al Lëtzebuerger Frangen.

Dir Dammen an Dir Hären, nëtzlech Investitiounen an d'Schinn fannen am Prinzip d'Zoustëmmung vum ADR. Mir hunn allerdéngs an dësem Fall eng Rei Bedenken an ech hoffen, dass den Transportminister dës kann aus dem Wee schafen.

Bei den Debatten iwwert d'Zukunft vun der Bunn d'lescht Woch hei an der Chamber ass eppes däitlech ginn, an zwar d'Tatsaach dass an de leschte Jorzéngten souzesoen näischt an eis Bunn investéiert ginn ass. D'Politiker, dat heescht déi vergaange Regierungen, hunn et verpasst eis Eisebunn ze moderniséieren a si hunn et verpasst d'CFL an d'Lag ze versetzen hir Problemer an de Gréff ze kréien a sech op d'Erausfuerderunge virzebereeden.

Wat d'Ursaachen ubelaangt, esou ware se sech hei de 6. Mee net eens, mä d'Schold dorunner hunn déi Parteien, déi säit jeehier d'Regierunge gestallt hunn. Grad déi laang Lëscht vu schwéiere Versäumnisser, déi den Interpellant hei opgezielt huet, waren en däitleche Beweis wéi katastrophal e Betrib fonctionnéiert a virausplangt, wann e vum Stat a vu Gewerkschaftler schlecht gefouert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, elo wëllt d'Regierung eng Zomm vu bal 900 Milliounen Euro fir dës verschidde Projeten op der Schinn investéieren. Dozou muss ee festhalen, dass doranner eng Rei vun anere Projeten a Käschten nach net enthale sinn, esou wéi zum Beispill dee berühmten Train-Tram op de Kierchbierg mat 390 Milliounen Euro, op deen ech nach zréckkomme wäert.

D'Sue sollen aus dem Fonds du rail kommen, mä si sinn awer net do! Am Budget vum Joer 2003 stinn zum Schluss nach 34 Milliounen Euro oder 1,4 Milliarde Frang. Et muss ee sech awer elo erënneren, gebraucht gi mindestens 50 Milliarde Frang. Dat sinn der 35-mol méi. Wou huele mer déi hier? Den Transportminister sot an der Kommissioun: „Well net genuch Suen am Fong si musse mer d'Investitioune strecken". Dat heescht an anere Wierder op déi laang Bänk schieben. An deem Zesummenhang stelle mir eis eng Rei Froen, an ech wär frou wann den Transportminister mer kéint dorobber äntwerten.

Éischtens wat fir eng vun deenen eenzelne Projete gi fir d'éischt ugefaangen an ausgefouert, wou jo jiddferengem kloer ass, dass net alles gläichzäiteg bezuelt ka ginn? An der Kommissioun gouf dovu geschwat, dass all Investitioun, déi eppes zur Sécherheet bäidréit, och éischt Prioritéit kritt. Domat ass wuel jiddfereen averstanen, mä wat fir Projete sinn dat dann am Eenzelnen a wat fir eng kommen duerno?

Meng zweet Fro: Huet d'Regierung en ausféierbare Finanzéierungsplang, fir déi grouss Aarbechten och bezuelen ze kënnen? Zu kengem Zäitpunkt ass eis gesot ginn, wou déi Suen hierkomme sollen, wou am Budget gespuert gi soll oder wou méi erageholl gi kann? Gesäit d'Regierung eventuell eng extra CFL-Steier vir?

Drëtt Fro: Gëtt et en Zäitplang fir d'Realisatioun vun deenen eenzelnen Aarbechten an a wat fir engem Délai sinn dës Aarbechten iwwerhaapt technesch ausféierbar? Bis elo huet d'Regierung näischt dozou gesot, grad esou wéi se näischt seet vun den noutwendegen Autorisatiounsprozeduren, déi jo och ëmmer vill Zäitverzögerunge mat sech bréngen, oder brauchen hei keng Kommodo-Inkommodo-Ufroe gestallt ze ginn? Huet d'Bunn iwwerhaapt déi laut Gesetz noutwendeg Betribsgenehmegungen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Finanzéierung ubelaangt, do muss ech d'Fro stelle firwat net an deene leschte 50 Joer oder wéinstens während deene leschten aussergewéinlech gudde Joren eppes op deem Gebitt geschitt ass. Wuerfir huet de Stat dann déi vill Suen ausginn, déi jo vun eiser Ekonomie erschafft gi sinn? Ass alles an de Verbrauch vum Statsapparat gestach ginn amplaz an nëtzlech Investitiounen?

Et ass jo net nëmme bei der Bunn, wou näischt an d'Zukunft investéiert gouf, mä och op anere Gebitter si keng oder ze spéit Investitioune virgeholl ginn, an dat bei regelméisseg héijem wirtschaftlechen Zouwuess a gewaltege Plusvaluë beim Steierakommes. Jorzéngtelaang sinn zum Beispill keng oder net genuch Investitiounen an de Stroossebau, an de Bau vu Schoulen, Spideeler, Alters- a Fleegeheimer gemaach ginn. Eréischt an deene leschte puer Joer ass domadder ugefaange ginn. Elo, wou d'Wirtschaft méi lues leeft, den Zouwuess géint null ausleeft a keng Plus-valuen ze erwaarde sinn, elo wëllt de Stat d'Bunn mat 50 Milliarden erneieren.

Mir ginn de Verdacht net lass, das ënnert dësen Ëmstänn dem Transportminister säi Projet nach an 20 Joer net ausgefouert ass, dass d'Regierung kee globaalt Konzept virleien huet. De Statsrot bestätegt dës Meenung wann hie freet, ob d'Strategie den zoustännegen Autoritéite wierklech kloer ass. De Statsrot seet däitlech, dass déi sëllechen Ännerungen a kuerzer Zäitspan alles aneschters wéi e Beweis si fir eng konsequent a komplett Iwwersiicht.

De Statsrot hält fest, dass d'Aarbechte besser kéinten iwwerwaacht ginn, wann all Projet duerch e separat Gesetz geregelt géif ginn. De Statsrot bedauert dann nach, dass d'Erklärungen zu deenen eenzelne Projeten an Aarbechten net ëmmer iwwerzeegend sinn, a wonnert sech iwwert déi konsequent Präiserhéijungen.

Dës Kriticke si schlëmm genuch, besonnesch wann ee kuckt, dass vun deenen ursprünglech 15 Investitiounsprojeten, déi mer am Joer 2000 gestëmmt haten an déi deelweis am Bau sinn, der vill vun der Regierung geännert goufen. Zum Beispill véier Stéck, véier Projete si méi deier ginn. Zwee hunn der komplett geännert. Ee Projet gëtt opginn. Haut leien 19 Projete vir an zwee nei Gesetzer déi zousätzlech nach um Instanzewee sinn. Dat ass den TGV-Uschloss-Frankräich an den Tram Kierchbierg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well am Bericht vun der Transportkommissioun och vum Schinnenuschloss Kierchbierg Rieds geet, erlaabt mer hei zwou Richtegstellungen ze maachen. Ech wëll elo net nach eng Kéier op déi ëmständlech an deier Streckeféierung vum Regierungsprojet zréck kommen. Och d'Virdeeler vum Projet Bus-Bunn, deen den ADR jo ënnerstëtzt, sinn hei schonn däitlech gemaach ginn. Ech hunn awer héiere wéi den Transportminister um Radio gesot huet, de Projet Bus-Bunn géif mat enger gewurrelter a komplizéierter Streckeféierung de Kierchbierg ënnerierdesch erop fueren.

***(Interruptions)***

Neen, Här Minister. Et ass äre Module K dee mat esou engem onrealistesche Rateschwanz mat 6% Steigung seng Ronnen am Bierg dréint. D'Streck vum Projet Bus-Bunn geet riichtaus mat nëmmen 1% Steigung bis op de Kierchbierg.

Eng zweet Ausso vum Minister iwwert de Präisënnerscheed vun deenen zwee Projete fir de Kierchbierg wëll ech esou kommentéieren.

Wann ech gelift, Här Minister, net vergiessen déi enorm Käschte bäizerechnen déi nëmme wéinst der Spezialentwécklung an dem Bau vun enger Hybridmaschinn ufalen. Dësen Train-Tram fiert engersäits wéi een Tram op Siicht mat kuerzem Bremswee, anerersäits awer och wéi een Zuch iwwert déi normal Bunn. Spezialiste wësse wat dëst bedeit u Käschten an u Risiko. D'Hybridgefierer mussen ausgeluecht gi fir dat normaalt Eisebunnsstroumnetz vu 25.000 Volt Wiesselstroum an zousätzlech fir d'Tramsnetz vu 7.000 Volt Gläichspannung. Nieft enger neier Bréck iwwert d'Polvermillen, extra deieren Infrastrukture fir Garen, Streckeféierung, Stroumversuergung a villes méi, dréit dëst alles ganz sécher dozou bäi, dass de finanzielle Bilan wäit zu Ongënschte vum Regierungsprojet ausfält.

Ech hoffen dass den Transportminister net op där falscher Schinn do weider fiert an déi richteg Streck nach erwëscht.

Här President, zum Ofschloss wëll ech erklären, dass den ADR säi Vote ofhängeg mécht vun der Äntwert op déi dräi Froen déi ech virdru gestallt hunn, no der Prioritéit vun den eenzelne Projeten, nom Finanzéierungsplang an nom Zäitplang fir d'Ausféierung vun den Aarbechten. Sollt den Transportminister op deene Punkte keng zefriddestellend Garantië gi kënnen, wäerte mir eis beim Ofstëmmen enthalen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Transportminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, leider wäert ech net kënnen op all Froen agoen, well d'Regierung huet jo no deem sophistikéierte Modell, wéi d'Chamber sech selwer als Riedezäit ginn huet, an no der Opfuerderung vum President, och d'Regierung soll sech strikt un d'Riedezäit halen, manner Riedezäit wéi déi klengste Fraktioun hei am Haus. Dat kann een esou gesinn, mä dann däerf ee sech och als Deputéierten net wonnere wann een net op all Fro eng Äntwert kritt.

Ech wollt op alle Fall, Här President, all de Riedner merci soe fir déi Suergfalt mat där se dëse Projet examinéiert hunn. Ech wollt dann agoen als éischt op déi Äusserungen am Avis vum Conseil d'Etat dee mengt déi Technik déi mir gewielt hätten als Regierung wier keng gutt Technik, well mir versicht hunn all Kéier d'Gesetz vun 1995 ofzeänneren. An domadder, dat war eis Absicht, net nëmmen der Chamber, mä allen Interesséierten d'Méiglechkeet ze ginn iwwer eng aktualiséiert Lëscht vun den Investitiounsprojeten ze verfügen. De Conseil d'Etat huet gesot en hätt gären, e géif prekoniséieren dass ee fir all Projet en individuelle Gesetzesprojet géif an d'Chamber bréngen.

Här President, ech hunn et op dëser Tribün gesot. Ech hunn et an der Transportkommissioun gesot. D'Regierung ass ganz gäre bereet dat ze suivéieren, déi Démarche ze suivéiere wéi d'Chamber se proposéiert. Wann d'Chamber léiwer huet fir all Projet mat engem eenzelne Gesetzestext befaasst ze ginn, da maache mer dat. Wann d'Chamber awer ka mat deem System dee mer elo hu liewen, da wäerte mer mat deem System weider fueren. Et ass op alle Fall net den Avis vum Conseil d'Etat dee fir mech do ausschlaggebend ass. Fir mech ass ausschlaggebend dat wéi d'Chamber et gären hätt.

Dofir wollt ech och…

***(Interruptions)***

Här President, ech si frou dass den Här Krecké mer Recht gëtt. Den Här Zanussi huet awer a senger Interventioun déi Technique législative…

***(Interruptions)***

Jo, festgestallt.

Dofir soen ech just, Här President, ech sinn an dëser Fro an den Hänn vun der Chamber a mir maachen et esou wéi d'Chamber et gären an där Fro do hätt.

***(Interruptions)***

Voilà!

Här President, da wollt ech op eng Fro agoen déi souwuel vum Här Haupert wéi vum Här Zanussi évoquéiert ginn ass, an dat ass d'Linn Lëtzebuerg-Bréissel. Eng Streck déi mir och um Häerz läit a wou ech awer wollt erkläre firwat elo déi Moderniséierung vun der Streck Klengbetten-Lëtzebuerg an dësem Projet eraus geholl ginn ass.

Et muss ee wëssen, Här President, dass op belscher Säit bis viru kuerzem keen Intérêt bestanen huet. Mir konnten esou oft do uklappe wéi mer wollten. Et ass eis héiflech nogelauschtert ginn. Mä et ass soss näischt geschitt. Déi Attitüd huet changéiert vun deem Moment u wou op europäeschem Niveau e Groupe à haut niveau agesat ginn ass iwwer Réseau trans-européen en matière de transport. Dee Groupe à haut niveau gëtt vun engem fréiere Commissaire presidéiert, dem Här Karel Van Miert. An do ass an deem Grupp, an an deene Kontakter déi mir haten, d'Iddi opkomm fir eng Schinneninfrastruktur zwëschent Bréissel a Lëtzebuerg ze schafen, déi den Temps de parcours géif sensibel verkierzen, an zwar vun 2 Stonnen eng véirel, respektiv 2 Stonnen eng hallef haut, op ongefëier annerhallef Stonn.

Mir hunn och Kontakt opgeholl mat der franséischer Regierung, déi den Ausbau, d'Moderniséierung vun där Streck géif ënnerstëtzen, well dat géif erméiglechen dass een zwëschent deenen dräi Haaptuerter vun der Europäescher Unioun, Lëtzebuerg, Bréissel a Stroossbuerg, kéint op een Temps de parcours mam Zuch komme vun ongefëier 3 Stonnen.

Ech muss Iech awer soen, Här President, an ech sinn och scho schréftlech bei der Kommissioun intervenéiert: Ech ginn d'Gefill net lass, dass déi Initiativ vum President vun deem Groupe à haut niveau, vum Här Karel Van Miert, aus innepoliteschen Ursaachen an der Belsch blockéiert gëtt. Hien huet, ech wëll hei elo net, ech kann och hei net op der Tribün Etat maache vu senger Appréciatioun vun deem Projet, mä ech kann Iech awer soen dass mäi Verdacht méi wéi begrënnt ass. Toujours est-il dass mir hartnäckeg do hannendru bleiwen. Dass mer och wäerten an Zukunft dofir suergen dass dee Projet weider gedriwwe gëtt.

Mir hunn och gefrot dass d'Banque Européenne d'Investissements soll eng Evaluatioun vun der Rentabilitéit vun esou engem Projet maachen a mir envisagéieren, well nächste Sonndeg si jo Wahlen an der Belsch, soubal déi nei belsch Regierung steet fir da mat deem neien Transportminister - well et gëtt jo ganz sécher en neien, dat ass kloer - Kontakt opzehuelen an ze kucke wat mer op där Streck kënne maachen.

Dann eng zweet Fro déi vum Här Zanussi ugeschwat ginn ass. Dat ass déi vun der Weiderféierung vun der Streck Diddeleng no Volmerange-les-Mines. Do ass den technesche Konzept fäerdeg. D'Soumissioune si preparéiert. Sämtlech Formalitéite souwuel mat der franséischer Regierung wéi mat der SNCF wéi och mam Réseau ferré français sinn ofgeschloss. D'Accordë mat der ARBED sinn amgaang finaliséiert ze ginn. Ech muss Iech soen dass dat net dee liichtsten Deel vum Dossier ass. Ass dat bis ënnerschriwwen, da wäerte mer direkt kënne mat den Aarbechten ufänken. Mir mengen dass d'Ouverture oder d'Mise en service vun der Linn mat engem Park&Ride op franséischem Territoire, deen ongefëier 180 Parkplaze begräift, ähnlech ongefëier wéi ee kierzlech eröffnete Park&Ride zu Stengefort mat 180 Plazen, nach kéint, wann alles riicht leeft, fir Enn dëses Joers fäerdeg sinn.

Här President, den Här Greisen huet eng Rei Froe gestallt no de Prioritéiten. Ech kann Iech nëmme soen, dass d'Prioritéit déi ass vun der Sécuritéit. Alles wat um bestehende Réseau muss verbessert, moderniséiert an adaptéiert gi fir d'Sécuritéit um Réseau ze steigeren, dat huet déi éischt Prioritéit.

De Plan de financement hänkt natierlech an engem gewësse Mooss och vun de Recettes budgétaires vun deenen nächste Joren of. Kënne mer iwwer Plus-valuen de Fonds du rail zousätzlech dotéieren oder net? A wa mer en net kënnen dotéieren, da gëtt d'Chamber iergendwann saiséiert mat engem Projet, wann een dat hei alles an deem Rhythmus bis 2020 ongefëier duerchzéie wëllt wéi déi Projete virgesi sinn, an da muss ee Recours huelen op den Emprunt. Mä dat ass eng Décisioun, déi dann d'Chamber op Propositioun vun der Regierung ze huelen huet.

Wat den Zäitplang ugeet, muss ech Iech soen, Här President, sinn ech net méi esou king fir doriwwer hei Pronosticen ze maachen. Ech hunn a menger elo bal 4-jähreger Amtszäit als Transportminister geléiert, dass ee sech un déi Verspriechen, déi ee gemaach kritt, net onbedéngt ka fiéieren. Ech hunn elo just net en Engagement geholl, mä en Zäitplang geholl fir e klenge Projet, wou ech hoffen, dass mer en Enn des Joers kënnen ofschléissen.

Och an deem Projet hei si Projeten drënner, wou ech héich an helleg verséchert kritt hat mer bräichte kee Gesetz ze maachen, well d'Dépense ënnert 7,5 Millioun Euro géif leien. Ech gesinn elo an Dir gesidd et och, dass d'Moderniséierung vun der Streck Kautebaach-Wolz eis 31 Milliounen Euro ze stoe kënnt. De Centre de remisage war ursprünglech mat 25 Milliounen Euro vun der Eisebunn geplangt, mëttlerweil läit de Plang bei 100 Milliounen Euro. Här President, wann ee mat deenen Tatsaache konfrontéiert ass, dann ass een e gebranntent Kand.

Ech hunn op alle Fall bei der Eisebunn drop insistéiert, dass déi Propositiounen, déi mir gemaach ginn, elo klappe missten. Ech hu léiwer mir hunn herno bei der Ofrechnung manner ausgi wéi am Devis stung, wéi wann ech nach eng Kéier misst an d'Chamber komme mat engem neien Devis. Ech hätt dat souwisou net méi wëlles ze maachen. Ech hunn dann och der Eisebunn gesot, dass mat deene Suen, déi d'Chamber haut stëmme wäert, se och duerkomme missten, compte tenu vun den Hausses légales selbstverständlech.

Wann d'Chamber der Regierung d'Autorisatioun gëtt fir dës Projeten ze realiséieren, dann ass dat ee vun deene gréissten Investitiounsprojeten, wéi den Här Schummer et schonn ënnerstrach huet, déi an dëser Legislaturperiod gestëmmt ginn. Ech soen der Chamber merci fir dee breeden Accord zu dësem Gesetz. Ech hoffen, dass ech och, Här President, d'Membere vum ADR konnt iwwerzeegen, fir hiren Accord zu dësem Projet ze ginn.

Merci.

***(Hilarité et brouhaha général)***

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4942/5032 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo iwwert de virleiende Gesetzesprojet of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Gesetzesprojet ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marcel Sauber (par M. Paul-Henri Meyers), Marco Schank (par M. Ady Jung), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par Mme Ferny Nicklaus-Faber) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Mme Maggy Nagel (par M. Jeannot Belling), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*M. Jean-Pierre Koepp;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar a fänkt mar de Moien um néng Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 19.59 heures)***

## JEUDI, 15 MAI 2003

# 55E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Nico Loes, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. Communication
2. 4635 - Projet de loi sur les marchés publics

   *(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden et Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministres.

***(Début de la séance publique à 9.03 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendeng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

### 1. Communication

Ech wollt der Chamber Folgendes matdeelen.

A la demande de M. Charles Goerens, Ministre de l'Environnement, M. François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 14 mai 2003 le

*- Projet de règlement grand-ducal portant certaines modalités d'application du règlement (CE) N° 304/2003 du Parlement Européen et du Conseil du 28 janvier 2003 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux - N° 5129.*

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4635 iwwert d'Marchés publics. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Strotz, Scheuer, Graas, Henckes, d'Madame Wagener, déi Häre Sauber a Wohlfart. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nico Loes.

### 2. 4635 - Projet de loi sur les marchés publics

***Rapport de la Commission des Travaux publics***

M. Nico Loes *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn e laange Wee gaange mat deem Projet de loi iwwert d'Marchés publics, dee mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn. Méi wéi dräi Joer hu mir un dësem wichtegen Text geschafft. De Statsrot huet net manner wéi siwen Avisen zu dësem Text ofginn. En etlech Beruffschamberen, wéi beispillsweis d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers, hu sech zu dësem Text geäussert an hir Bedenken, awer och hir Zoustëmmung zu dësem Text zum Ausdrock bruecht.

De SYVICOL huet net manner wéi véier Avisen zu dësem Projet eragereecht an d'Cour des Comptes huet hiren Avis de 25. Abrëll 2000 ofginn.

D'Bautekommissioun huet och deelweis mat der Commission de l'Exécution budgétaire zesumme geschafft an doriwwer eraus hat d'Bautekommissioun verschidden Entrevuen, wéi beispillsweis mat dem Ordre des Architectes et Ingénieurs oder mat dem Fonds du Logement, fir iwwert dëse Projet ze schwätzen.

An iwwer méi wéi 20 Réuniounen huet d'Bautekommissioun sech op dëse Projet an op verschidden Amendementer konzentréiert, an de schréftleche Rapport vun der Bautekommissioun konnt an der Sitzung vum 7. Mee 2003 ugeholl ginn. Als Rapporteur sinn ech frou, datt mir haut endlech dëse Projet évacuéiere kënnen, deen ouni Zweiwel gréisser Klorheet am Beräich vun den öffentlechen Ausschreiwunge wäert bréngen. Ech wëll dofir vun dëser Plaz aus jidderengem merci soen, dee geholl ef huet un dësem Gesetz matzeschaffen, speziell dem Här Georges Hilger an dem Här Claude Pauly aus dem Ministère, wéi och dem Nic Bock als Sekretär vun eiser Kommissioun, dem Kommissiounspresident Néckel Strotz, dee während deene méi wéi 20 Sitzungen déi Saach gutt geleet huet, an awer och speziell de Kolleegen aus der Kommissioun, wou mer deelweis eng ganz gutt Aarbecht gemaach hunn, wou och jidderee ganz gutt matgeschafft huet an d'Oppositioun och, Här Scheuer. Ech wëll lech do ausdrécklech mataschléissen, well mer bei deem Gesetz, wou jo vill driwwer geschwat gëtt a wou mer och haut de Moien an enger Dageszeitung de Leitartikel iwwert dat Gesetz kënne liesen, wou mer, ausser, mengen ech, zwee Knackpunkten, op déi ech nach zréckkommen, am grousse Ganzen awer kënne mat deem Gesetz d'accord sinn.

Ech ginn och elo net op déi 102 Artikelen all an, déi dat Gesetz virgesäit. Mäi Fraktiounskolleeg Néckel Strotz an och de Marcel Sauber wäerten herno nach Stellung huelen, an ech denken datt och déi aner Fraktioune méi a verschidden Detailer aginn. Vu que datt ech als Rapporteur och nëmmen 20 Minutten hunn, wëll ech mech dann op e puer wesentlech Punkte beschränken.

Als Einleitung vu mengem Rapport zu dësem Gesetzesprojet ass et noutwendeg fir d'alleréischt op e puer fundamental Prinzipie vun de Marchés publics anzegoen. Et si Prinzipien, déi virun allem d'Rigiditéit vun de Regelen am Beräich vun de Marchés publics ënnermaueren.

Den éischte Prinzip ass d'Egalité de traitement vun de Kandidaten an de Soumissionnairen. Dës Egalité de traitement ass d'Basis, net nëmme vun eiser nationaler Gesetzgebung, mä och um Niveau vum europäesche Recht. Stat a Gemengen hunn net déiselwecht kontraktuell Fräiheete wéi eng Privatpersoun. Si kënnen hire Vertragspartner an deenen allermeeschte Fäll net fräi wielen. Weiderhin ass et hinnen net méiglech dem Kandidat X méi Informatiounen iwwert de Marché ze liwwere wéi dem Kandidat Y.

Deen zweete Prinzip ass d'Mise en concurrence. All Entreprise muss Zougank hunn zu den öffentleche Commanden. De Corollaire heivunner ass de Prinzip vun der gudder Gestioun vun den öffentleche Gelder. Déi öffentlech Adjudicateuren hu keng illimitéiert finanziell Mëttelen zur Verfügung, mä hu finanziell Contraintë bei öffentleche Commanden. Wa si dëse Contrainten net géingen ënnerleien, da wier schnell de Wee fräi fir den Arbitraire an de Favoritismus.

Dës zwee Prinzipien implizéieren, datt déi bescht Offer zréckbehale gëtt. Wéi gëtt dann déi beschten Offer definéiert oder évaluéiert? Hei ginn et folgend Optiounen. Déi éischt Optioun ass d'Offer „au meilleur disant", dat heescht déi bëllegsten Offer. Dëse System spillt wann den Adjudicateur ganz prezis gesot huet, wat fir eng Qualitéit vu Wueren oder Servicer hie gären hätt.

Déi zweet Optioun ass d'Offer „au mieux disant", déi bëllegsten Offer. Mä et ass net déi bëllegsten Offer, mä d'Offer déi wirtschaftlech am virdeelhaftsten ass. „L'offre économiquement la plus avantageuse" gëtt an dësem Fall zréckbehalen. Dës Offer baséiert sech op objektiv Kritären, déi am Cahier général des charges prezis festgehale goufen. D'Reform vun de Marchés publics privilégiéiert elo d'Offer, déi wirtschaftlech am virdeelhaftsten ass.

Den drëtten a leschte Prinzip ass d'Transparenz, e Prinzip dee virun allem déloyal Praktike verhënnert. Fir juristesch Grauzonen auszemäerzen, muss de Gesetzgeber de Champs d'application vum Marchés-publics-Gesetz prezis definéieren an dat net nëmme ratione materiae, mä och ratione personae.

Déi allgemeng Regel ass déi fir d'Konkurrenz duerch Publizitéit spillen ze loossen, eng Regel déi ënner anerem och de Prinzip vun der Soumission publique genannt gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt awer Situatioune wou d'Soumission publique net realisabel ass oder onerwënschte Resultater mat sech brénge kann. An esou Fäll gesäit de Gesetzgeber limitativ Hypotheese vir, wou een net iwwert de Prinzip vun der Soumission publique brauch ze fueren. Déi national an europäesch Jurisprudenze verlaangen, datt dës Exceptioune strikt interpretéiert an ugewannt ginn, fir eventuell Mëssbräich ze verhënneren. Dobäi kënnt nach, datt d'Sëtzungen, wou d'Resultater programméiert ginn, fräi zougänglech musse sinn, an dat fir all Soumissionnairen. Wann ee Kandidat mengt datt den Adjudicateur déi gesetzlech oder reglementaresch Regelen net respektéiert huet, da stinn him verschidde Rekursméiglechkeeten op. De Recours ka virun der Commission des Soumissions oder virum Verwaltungsgeriicht gemaach ginn. Et ass enorm wichteg fir d'Allgemengheet, datt dës Prinzipie konsequent applizéiert a respektéiert ginn.

Eng gerecht an transparent Attributioun vun de Marchés publics ass net zulescht e wesentleche Facteur vum sozio-ekonomesche Gläichgewiicht vun eisem Land, well et muss ee sech vergegenwäertegen, datt déi öffentlech Commanden ongeféier 16% vum Brutto-Inland-Produkt duerstellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi gesäit déi aktuell gesetzlech a reglementaresch Situatioun aus? Momentan applizéiere sech zwee Gesetzer. Dat eent ass d'Gesetz vum 4. Abrëll 1974 iwwert de Régime des marchés publics de travaux et de fournitures an zum anere sinn et d'Artikelen 36, 37 an 38 vum Gesetz vum 27. Juli 1936 iwwert d'Statskontabilitéit. Dobäi kommen nach eng ganz Partie Reglementer, déi sech beispillsweis op de Cahier général des charges oder op de Fonctionnement vun der Soumissiounskommissioun bezéien. Iwwert d'Jore sinn dës Basistexter substanziell ofgeännert an ergänzt ginn, an dat haaptsächlech duerch europäesch Direktiven.

Wat mécht eng Reform vun de Marchés publics esou noutwendeg? Mat der Zäit - an ech hunn et scho virdru gesot - ass eis Législatioun an d'Reglementatioun duerch déi vill Ännerungen onlieserlech ginn a si fir Net-Juriste carrément onverständlech ginn. Dobäi kënnt d'Tatsaach, datt d'Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget, d'Kontabilitéit an d'Trésorerie vum Stat d'Gesetz vum 27. Juli 1936 iwwert d'Statskontabilitéit abrogéiert huet. Schlussendlech mussen och d'Texter adaptéiert ginn, esou datt si der allgemenger wirtschaftlecher Entwécklung an de prakteschen Erfahrunge Rechnung droe kënnen.

Wat sinn elo d'Leitlinne vun der Reform? Zum enge geet et drëm déi europäesch Gesetzgebung an eis national Gesetzgebung ze integréieren. An zum anere geet et drëm e fortschrëttlechen Text zur Verfügung ze hunn, dee sech, wéi gesot, dem Fortschrëtt upasst an deen an de wesentleche Punkte méi Kloerheet schaaft. An dësem Sënn ass eng vun de wesentlechen Innovatiounen déi, datt mir elo nëmme méi een eenheetlechen Text iwwert d'Marchés publics hunn, dee souwuel fir d'Gemenge wéi och fir de Stat gëllt. Doriwwer eraus gëtt d'Marchés-publics-Gesetzgebung vun där iwwert de Budget an d'Kontabilitéit vum Stat lass gekoppelt.

De Projet de loi, deen de Ministère des Travaux publics ausgeschafft huet, gesäit souwuel eng ganz Partie vu qualitative Verbesserunge wéi och wesentlech prozedural Vereinfachunge vir. D'Bautekommissioun huet den initialen Text e puermol amendéiert an huet dobäi probéiert virun allem den Avise vum Statsrot an der Cour des Comptes an engem grousse Mooss Rechnung ze droen.

Well ech a menger Qualitéit als Rapporteur nëmme begrenzten Zäit zur Verfügung hunn, ass et onméiglech op dëser Plaz op all dës Punkten, déi Verbesserungen an Ëmännerungen, anzegoen. Si sinn duerfir och am schréftleche Rapport nozeliesen. Erlaabt mer deemno op déi wesentlech Punkte vun der Reform anzegoen. Ech denken och, dass de Fraktiounskolleeg a President vun der Kommissioun Néckel Strotz herno nach wäert méi am Detail op verschidde Volet en agoen.

Eng éischt grouss Innovatioun ass d'Schafung vun enger neier Prozedur, dat heescht vun der Soumission restreinte avec publication d'avis. Dës Prozedur leeft a méi Etappen of. An enger éischter Phas gëtt an der Press en Appel d'offre publizéiert, wou déi minimal Konditioune preziséiert ginn, fir un der Ausschreiwung deelzehuelen. An enger zweeter Etapp ginn déi verschidde Kandidate gepréift. Dat heescht dass déi Kandidaten, déi déi minimal Konditiounen net erfëllen, an dësem Stadium eliminéiert ginn. An enger leschter Etapp kréien d'Kandidaten, déi zréckbehale gi sinn, hire Cahier des charges an d'Offere ginn an hirer Presenz och opgemaach.

D'Soumission publique esou wéi d'Soumission restreinte avec publication d'avis sinn d'Regel. Dës zwou Prozedure stinn am Aklang vun deenen aganks zitéierte Prinzipie vun der Konkurrenz an der Egalité de traitement.

Déi exceptionnel Prozeduren, wéi d'Soumission restreinte sans publication d'avis oder de Marché négocié bleiwen d'Ausnahm. Deemno bleiwen d'Fäll, wou dës Ausnahmeprozedure méiglech sinn, strikt limitéiert. Dobäi muss een awer op där anerer Säit ervirhiewen, datt de Gesetzesprojet d'Seuilen, dat heescht d'Schwellewäerter, wou de Marché négocié oder d'Soumission restreinte sans publication d'avis méiglech sinn, substanziell erop setzt.

Ech wëll an dësem Kontext op den Tableau op de Säiten 11, 12 an 13 vum schréftleche Rapport verweisen. De Ministère des Travaux publics huet deen Tableau opgestallt, wou schéin opgelëscht ass bei wat fir enger Zort vu Marchéë wat fir eng Schwellewäerter applizéiert ginn. Ech hoffen - a mir haten dat och vun dem Här Hilger an der Kommissioun gesot kritt -, datt de Ministère des Travaux publics dozou och e Vademecum ausgeschafft huet, wou een dat méi iwwersiichtlech gesäit. Ech hoffen, datt dat och bei de Gemengen de Fall ass, well dat sinn dann am Fong geholl d'Richtlinnen ënnert enger vereinfachter Form un déi ee sech kann hale bei dem Marchés-publics-Gesetz.

Et ass doriwwer eraus virgesinn nom A-Kraaft-Triede vum neie Gesetz an deenen entspriechende Reglementer d'Prozedur vun de Marchés publics online ofzewéckelen. An enger éischter Phas sollen d'Publicatioun vun den Avisen an d'Cahier des charges iwwert den Internet zougänglech sinn. Et ass am Ufank nëmme virgesinn, datt de Bauteministère esou wéi de Ministère vun der Fonction publique an der Réforme administrative un dëser Online-Prozedur bedeelegt sinn. Wa sech déi meeschte Schwieregkeeten opgeléist hunn, da kënnen och déi aner Pouvoirs

adjudicateurs un dës Prozedur associéiert ginn.

Last but not least ass d'Soumissiounskommissioun reforméiert ginn. Déi entspriechend Funktiounen a Kompetenze sinn elo am Artikel 16 vum neie Gesetz festgehale ginn. Dës Funktiounen applizéiere sech op all d'Pouvoirs adjudicateurs. D'Soumissiounskommissioun ass doriwwer eraus e sënnvoll konsultatiivt Instrument, dëst souwuel fir d'Pouvoirs adjudicateurs wéi och fir d'Soumissionnairen oder d'Kandidate selwer. Ech rappeléieren, datt den Avis vun der Soumissiounskommissioun net bindend ass. Et ass awer meeschtens esou datt sech d'Pouvoirs adjudicateurs an de meeschte Fäll un dësen Avis ralliéieren.

D'Soumissiounskommissioun spillt virun allem eng wichteg Roll virun der Ausschreiwung vun engem Marché public fir eventuellen administrative Litigen aus dem Wee ze goen. Ech wollt hei bemierken, datt mer mam Ordre des architectes et ingénieurs Diskussiounen haten, well déi onbedéngt drop gehalen hu fir an der Commission des soumissions Member ze ginn. Dat huet d'Kommissioun awer net zréckbehalen. Si hunn dunn eng Entente mat dem Ministère vun den Travaux publics fonnt, wou si sech all sechs Méint treffen an hir Meenungen austausche kënnen a wou een deem dann a verschiddene Punkte Rechnung droe kéint.

E weidere wichtege Punkt betrëfft déi staatlech Etablissements publics. De Gesetzesprojet a senger ursprünglecher Fassung wollt déi staatlech Etablissements publics aus der Definitioun vun de Pouvoirs adjudicateurs eraushuelen. Déi kommunal Etablissements publics sollten awer an dëser Definitioun dra bleiwen. Déi éischt Versioun vum Projet huet awer d'Méiglechkeet opgelooss, duerch e Règlement grand-ducal déi staatlech Etablissements publics der Marchés-publics-Législatioun ze ënnerwerfen.

Dës Propositioun ass awer beim Statsrot, bei der Cour des Comptes wéi och bei deene verschiddene Beruffskummeren op schaarfe Widerstand gestouss. Si hunn alleguerte gefuerdert d'Marchés-publics-Législatioun och op déi staatlech Etablissements publics ze applizéieren. Duerch en Amendement huet d'Bautekommissioun déi staatlech Etablissements publics bis op eng Ausnahm an d'Marchés-publics-Gesetzgebung verankert. Datselwecht gëllt fir Associatiounen zwëschent staatlechen Etablissements publics.

Den Amendement vun der Bautekommissioun huet och eng Definitioun vun de staatlechen Etablissements publics virgeschloen. Den Organisme de droit public muss deemno dräi Konditiounen erfëllen. Ech wëll op dëser Plaz de Punkt 3 vum Artikel 2 vum Gesetzesprojet uféieren: « Par pouvoir adjudicateur on entend les organismes de droit public entendus comme tout organisme créé pour satisfaire spécifiquement aux besoins d'intérêt général ayant un caractère autre qu'industriel et commercial et doté d'une personnalité juridique et dont soit l'activité est financée majoritairement par l'Etat, les collectivités territoriales ou d'autres organismes de droit public, soit la gestion est soumise à un contrôle par ces derniers, soit l'organe d'administration, de direction ou de surveillance est composé de membres dont plus de la moitié sont désignés par l'Etat, les collectivités territoriales ou d'autres organismes de droit public ».

De Fonds du Logement stellt hei eng Ausnahm duer. De Livre 1 vum Projet ass net applicabel bäim Bau vu soziale Wunnengen duerch de Fonds du Logement. Den Amendement ass motivéiert duerch d'Problemer um Wunnengsmaart an d'Ustrengungen am Beräich vun de Sozialwunnengen. De Fonds du Logement huet sech säit jeher fir de Bau vu qualitativ gudde Wunnengen zu soziale Präisser fir mannerbemëttelt Matbierger agesat.

De Statsrot zesumme mat der Handwierkerkummer ware mat dësen Dispositiounen net averstanen. De Statsrot huet awer keng Opposition formelle gemaach. Aus dëse Grënn huet d'Kommissioun den Amendement awer bäibehalen, esou datt sech de Livre 1 vum Projet net applizéiert, wann de Fonds du Logement Sozialwunnenge baue wëllt.

Et ass dëst eigentlech ee vun deenen zwee Knackpunkte vum Gesetz, deen zu Divergenzen an der Kommissioun gefouert huet, zesumme mat den etheschen, ekologeschen a soziale Kritären. Ech mengen, meng Kolleegen aus der Kommissioun wäerten herno nach dorop agoen, mä wéi gesot am grousse Ganzen ass dat Gesetz och an der Kommissioun akzeptéiert ginn. Als Rapporteur wëll ech mech net op déi doten Diskussiounen aloossen. Ech denken, dass mer herno d'Diskussioun speziell zu dësen zwee Punkten nach kréie wäerten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e weidere wichtege Punkt betrëfft d'Notioun vun der Offre économiquement la plus avantageuse an d'Kritären, déi dës Notioun erfëlle muss. Ech hunn dat elo just virdru gesot.

D'Bautekommissioun huet doriwwer eraus drop insistéiert, datt d'Regierung ekologesch a sozial Kritären am Projet de règlement grand-ducal iwwert de Cahier général des charges prezis aschreift. Déi europäesch Kommissioun akzeptéiert, datt sozial an ekologesch Kritäre spille kënne fir eng Offer ze évalueieren, déi ekonomesch am avantagéisten ass. Et ass dëst den Artikel 89 am Projet de règlement grand-ducal, dee wéi gesot zu Diskussiounen Ulass ginn huet. Fir eventuell Abüen och ze ënnerbannen, gëtt virun allem verlaangt datt dës Kritären en direkte Lien mam Marché selwer mussen hunn.

E weideren Amendement, deen d'Kommissioun mat erabruecht huet, betrëfft verschidde Marchés publics bei der Police, wou entweder eng Soumission restreinte sans publication d'avis oder e Marché négocié méiglech ass. Et muss een an dësem Kontext awer soen, datt de Kampf géint d'Schwéierkriminalitéit eng gewësse Geheimhaltung viraussetzt. Et däerf een de Verbriecher net alles ënnert d'Nues reiwen, wat d'Mëttelen an d'Ausbildung vun eiser Police betrëfft. Et ass dëst de Fall bei de Soumissioune fir d'Arméi, fir d'Douane a wéi gesot fir d'Police.

Schlussendlech begräift déi ganz Marchés-publics-Reform och en detailléierte reglementaresche Volet.

Zum Éischten ass de Projet de règlement grand-ducal iwwert de Cahier général des charges ervirzehiewen. Dësen Text applizéiert sech net nëmme fir de Stat mä och fir d'Gemengen. Et ass deemno zu enger Standardisatioun an Normalisatioun komm. De CRTI-B vum Centre de Recherche Henri Tudor huet hei wäertvoll Aarbecht geleescht. Mäi Fraktiounskolleeg Néckel Strotz wäert herno och nach eng Motioun déposéieren, wou am Kader vum Fonds du Logement festgehale gëtt, datt dëse sech och muss un dës Normen halen. De Virdeel ass, dass een de Cahier général des charges net méi kontraktuell an d'Soumissiounsdokumenter brauch ze schreiwen.

Den zweeten Text betrëfft de Projet de règlement grand-ducal iwwert d'Standardisatioun vun de Cahiers spéciaux des charges.

Last but not least sinn och d'Prozedure vun de Marchés publics fir d'Gemengeverwaltunge vereinfacht ginn. Dëst betrëfft virun allem den Artikel 159 vum Règlement grand-ducal, dee beseet datt d'Dossiere fir den Innenminister vun de Gemenge selwer ausgefëllt ginn an net méi brauchen iwwert den Distriktskommissär ze lafen.

D'Bautekommissioun huet doriwwer eraus och gefuerdert, an d'Regierung ass domat d'accord gewiescht, de Plaffong, deen am Paragraph 1 vum Artikel 156 vum groussherzogleche Reglement verankert ass, vu 75.000 op 750.000 Euro erop ze setzen. Am neie Paragraph 4 vum Artikel 156 vum Règlement grand-ducal gëtt de Plaffong vu 7.500 Euro op 250.000 Euro erop gesat, an dat am Kader vum Punkt 10 vum Artikel 106 vun dem Gemengegesetz.

A wann een dat Gemengegesetz kuckt, do ass am Chapitre 3 den Artikel 106, wou 11 Punkten opgezielt sinn - wéi ech virdru gesot hunn huet d'Bautekommissioun dorop gehalen, fir ënnert dem Punkt 10 déi Projets de construction massiv erop ze setzen -, an et muss ee sech do och wierklech d'Fro stellen, ob een net an Zukunft och déi aner Punkten aus dem Artikel 106 op de Leescht hëlt, well och do duerch Règlement grand-ducal kënnen déi eenzel Schwellewäerter gehuewe ginn.

Ech mengen dat ware verschidde Punkten déi ech elo hei am Kader an a menger Zäit vun deem Gesetz opgezielt hunn. Ech wëll och nach eng Kéier hei soen, datt dat Gesetz am Fong geholl d'Gesetz vum 4. Abrëll 1974 abrogéiert, sou wéi och den Artikel 20 vum Gesetz vum 20. Dezember 2002, an datt mir och festgehalen hunn, datt dëst neit Gesetz den 1. September 2003 a Kraaft trëtt.

A sou wäit wéi ech informéiert sinn, ass och schonn den Här Hilger, als President vun der Commission des soumissions, amgaang Coursen ze halen iwwert dat neit Gesetz, sou datt de Stat, wéi och d'Gemengen, en connaissance de cause bis virum 1. September dat Gesetz kënnen zur Kenntnis huelen an dann och wäerten ëmsetzen.

An deem Sënn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech lech merci fir d'Opmierksamkeet an ech wëll wéi gesot nach eng Kéier alle Kolleege merci soe fir déi gutt a wäertvoll Mataarbecht, déi mer mat deem heite Gesetz gemaach hunn, an ech hoffen, datt wann et och nach komplizéiert bleift, dass et awer wesentlech zur Vereinfachung vun dem Marché-publics-Gesetz bäitrëtt.

An deem Sënn nach eng Kéier villmools merci!

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Nicolas Strotz agedroen. Den Här Strotz huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe mengem Fraktiounskolleeg, dem Nico Loes, merci fir säin excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Hien huet all déi wesentlech Punkte vun der Reform op eng kloer an däitlech Aart a Weis presentéiert. Et war fir hie keng liicht Aarbecht fir Konklusiounen aus deene ville Kommissiounssëtzungen ze zéien, déi mir vum 9. Mäerz 2000 un, wou hien als Rapporteur bestëmmt ass ginn, ofgehalen hunn.

Et waren der iwwer 20 wou mir an der Kommissioun am Detail net nëmmen de Projet de loi, mä och deen dozou gehéierege Projet de règlement gand-ducal sou wéi d'Avise vun de Beruffschamberen, dem Ordre des architectes et ingénieurs conseils a vun enger Koalitioun, déi sech aus Organisatiounen déi sech fir ökologesch, sozial an ethesche Kritäre bei öffentlechen Ausschreiwungen agesat huet, duerchgeholl hunn.

De Projet de loi 4635 ass e Projet deen am Ministère des Travaux publics ausgeschafft ass ginn. Et ass dee Ministère an deem sengem Zoustännegkeetsberäich d'Soumissiounswiese mat der sougenannter Soumissiounskommissioun ugesidelt ass an deen den Know-how an d'Erfahrung an deem Beräich huet.

De Projet ass vum deemools zoustännege Minister vun deem Ressort déposéiert ginn. En huet eng laang Virgeschicht, en ass schonn an enger éischter Versioun 1996 déposéiert ginn, duerno opgrond vun EU-Direktiven an der Ëmännerung vum Kontabilitéitsgesetz sou wéi opgrond vun den Avisë vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers ëmgeännert ginn, sou dass d'Chamberskommissioun eréischt nom Avis vum Statsrot, dat heescht nom 21. Juli 2000, sech definitiv mam Projet befaasse konnt.

Dass d'Travaux-publics-Kommissioun sech domat befaasst huet, ass eng Selbstverständlechkeet, ass et dach normal dass déi Kommissioun, déi zoustänneg ass fir dee Ressort, sech domat befaasst.

Ech hunn duerfir déi ursprénglech Opreegung an de Reie vu munch Oppositiounspolitiker net verstanen, déi gemengt hunn, de Projet misst an der Finanzkommissioun vun der Chamber behandelt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, jiddferee soll op senger Plaz déi Aarbecht maachen déi him zousteet, an näischt verhënnert dass aner Kommissiounen - well dëse Projet reecht wierklech a vill Beräicher vum öffentleche Wiesen an - sech mam Projet ausernaner gesat hätten.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

D'Commission des Travaux publics huet sech also an de komplexen Dossier erageknéit an ass de Projet Artikel fir Artikel duerchgaangen. Par rapport zum initiale Projet huet munches am Projet sech geännert, dat opgrond vun den Observatiounen a Propositioune vum Statsrot, vun der Cour des Comptes, déi sech vill Méi mat hirer Analys vum Projet, besonnesch mam Livre I gemaach huet, vun der Kommissioun selwer, dann awer och, Dank der Diskussiounsbereetschaft an der Kompetenz vum Här Georges Hilger a senge Mataarbechter, deem ech als President vun der Kommissioun grad wéi dem Rapporteur wëll e grousse Merci ausspriechen. Dee Merci geet och un den Nico Bock, Sekretär vun der Kommissioun, dee sech beméit huet d'Iwwersiicht am Dossier ze behalen.

Déi nei Opgliederung vum Projet de loi, sou wéi de Statsrot se proposéiert huet, eng Versioun déi vun der Kommissioun iwwerholl ass ginn, huet wesentlech dozou bäigedroe fir de Projet méi lieserlech ze maachen.

Well dëse Projet 4635 iwwert d'öffentlech Aarbechten net nëmmen d'Travaux publics ugeet, mä sou wéi ech elo grad gesot hu sämtlech Beräicher vun der öffentlecher Hand betrëfft, hunn och zwou Réunioune mat der Commission de l'Exécution du contrôle budgétaire a mat der Commission des Affaires intérieures a mat dem OAI stattfonnt, woraus zousätzlech positiv Akzenter mat an d'Gesetz an an d'Reglement agefloss sinn.

Bedéngt duerch all déi Suggestiounen an Diskussiounen huet de Projet des Öftere misse bei de Statsrot zréckgoen, wat ëmmer zu Verzögerunge vum Projet an der Kommissioun gefouert huet, ouni dass doduerch engem e Reproche ka gemaach ginn.

Haut hu mer e gudden, ausgewogene Projet virleien, dee sou wäit wéi méiglech iwwersiichtlech a praxisorientéiert ass. E Gesetzesprojet deen, wann e gestëmmt ass, en eenheetlechen, dofir awer nach ëmmer komplexen Text - d'Matière ass nun emol komplex - duerstellt, dee fir all Beräicher vun der öffentlecher Hand, dat heescht Stat, Gemengen, öffentlech Etablissementer - wourop ech nach zréckkommen - a sougenannten Entreprises liées d'Zoustännegkeet hunn, deen den nationalen Erfuerdernissen an den europäeschen Direktiven, sou wäit wéi se a Kraaft sinn, entsprécht.

Et ass en technesche Projet, mat deem keng Politik gemaach ka ginn. Et ass duerfir en net manner wichtege Projet, fir mech ass et ee vun deene wichtegsten, déi mer an dëser Legislaturperiod hei gestëmmt hunn an nach wäerte stëmmen. Och nom Vote vun dësem Projet hu mer, wat d'Ausféierungsbestëmmungen ugeet, et net méi mat sechs, mä nëmme méi mat engem Règlement d'exécution ze dinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de wirtschaftlechen Impakt vun de Marchés publics ass an deene leschte Joren ëmmer méi staark ginn. Vill Kleng- a Mëttelbetriber, besonnesch am Handwierk an am Bausecteur, kënnen nëmmen iwwerliewen, well si Opträg fir de Stat oder d'Gemengen ausféieren. Et muss een och ënnersträichen, datt doduerch vill Aarbechtsplazen entstinn.

D'Marchés publics sinn also e ganz wesentleche Facteur vun der sozio-ekonomescher Stabilitéit vun eisem Land. Duerfir ass et extrem wichteg, dass an deem Beräich Transparenz a Gerechtegkeet herrscht. Dat erkläert a justifiéiert eng gewësse Rigiditéit vun der Gesetzesgebung.

Et ass eng Tatsaach, dass déi europäesch Direktiven eng ëmmer méi wichteg Roll an de Marchés publics spillen. Well déi öffentlech Commanden en enorme wirtschaftleche Potenzial an der Europäescher Unioun duerstellen, drängen déi europäesch Instanzen, wéi zum Beispill d'Kommissioun oder de Geriichtshaff, drop, fir dës Marchéen transparent ze gestalten an ze liberaliséieren. Hir Bestriewunge sinn déi fir protektionistesch Barrièrë systematesch an der EU ofzebauen a se ze sanktionéieren, wann d'Konditiounen net agehale ginn.

Dat gléckt hinnen awer net ëmmer. Dovu kënnen déi Lëtzebuerger Entreprisen lech e Liddche sangen, déi versichen öffentlech Marchéen am Ausland ze steeën. Ëmgedréint ass et fir déi auslännesch Entreprisë bei eis méi einfach un Aarbecht ze kommen. Do si mir Lëtzebuerger Musterschüler vun den europäesche Bestëmmungen.

Une voix.- Très bien!

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Wat ech ganz erfreelech fonnt hu war d'Tatsaach, dass d'Auteure vum Gesetzesprojet net en vase clos geschafft hunn. Si hu bei der Erstellung vum Projet - d'Diskussioune si scho säit 1995 amgaangen - direkte Kontakt mat deenen zoustännege Beruffskummeren an deene concernéierte Corps de métiers gesicht a fonnt.

Besonnesch de Centre de Ressources des Technologies de l'Information pour le Bâtiment (CRTI-B), wou engersäits de Ministère vun den Travaux publics mat senge Verwaltungen an anerersäits den OAI, d'Chambre des Métiers, d'Fédération des Artisans, d'FEDIL an de Centre de Recherche Henri Tudor dra vertruede sinn, huet eng ganz wichteg Viraarbecht geleescht, an dat am Beräich vun de Standardisatioune vun den techneschen Ausféierungsbestëmmungen a quasi sämtlechen Handwierkssparten, déi iwwer Règlements grand-ducaux gesetzlech Basis kréien.

Als CSV-Fraktioun begréisse mer also d'Virgehensweis vun der Regierung bei der Ausschaffung vum Projet de loi. Der Chamberskommissioun ass et bei der Analys vum Projet drëm gaangen, fir am Livre I

de Spillraum, deen déi europäesch Direktiven erméiglechen, voll ze notzen, fir eise Lëtzebuerger Entreprisë sou wäit wéi méiglech entgéint kënnen ze kommen.

D'Cour des Comptes wollt zum Beispill eenzel Montanten, bis zu deenen et erlaabt ass e Marché négocié ofzeschléissen, méi niddreg halen, 6.000 Euro Index 100, anstatt wéi am Projet virgesinn 8.000 Euro Index 100. D'Kommissioun war do anerer Meenung an als CSV-Fraktioun begréisse mer ausdrécklech d'Haltung vun der Kommissioun. De Moment waren am ale Gesetz 150.000 al Frangen Index 100 virgesinn. Dee Montant gëtt also méi wéi verduebelt.

Ee vun de Punkten, dee während de parlamentareschen Aarbechte fir ganz passionnéiert Diskussioune gesuergt huet, war d'Fro ob d'Etablissements publics der Marchés-publics-Législatioun ze ënnerwerfe sinn oder net. D'Kommissioun vun den Travaux publics huet sech schlussendlech fir folgend Léisung décidéiert: Déi staatlech Etablissements publics falen ënnert d'Gesetzgebung bis op eng Ausnahm. Déi Ausnahm heescht Fonds du Logement. De Fonds du Logement ënnerläit laut Artikel 20 vum Projet de loi net de Bestëmmunge vum Livre 1 vum Gesetzesprojet.

Firwat hu mir an der Kommissioun, an als CSV ënnerstëtze mir déi Approche, fir de Fonds du Logement déi Ausnahmeregelung gemaach, dat trotz schaarfe Kriticke säitens dem Statsrot, der Cour des Comptes an der Handwierkerkummer? Mir wëssen alleguer, datt mir zu Lëtzebuerg Problemer am Wunnengsbau hunn. Et gëtt e Manktem u präiswäerte Wunnengen. Duerfir ass vun der viregter a vun dëser Regierung e Schwéierpunkt op d'Förderung vum soziale Wunnengsbau geluecht ginn.

D'Ausnahmeregelung fir de Fonds du Logement am Beräich vum Marché public hëlleft dem soziale Wunnengsbau. Ech erkläre mech.

Wann dem Fonds du Logement all Verhandlungsméiglechkeeten entzu ginn, géif hie seng Atoutë fir Flexibilitéit a Schnellegkeet verléieren. Dat hätt onweigerlech zur Konsequenz, datt d'Käschten an d'Präisser vun de Sozialwunnenge steige géifen. Dat wär contraire zu eiser Politik, déi d'Offer u präiswäerte Wunnenge vergréissere wëll.

Dobäi kënnt nach, datt de Fonds du Logement deelweis wéi e private Promoteur operéiert an domat an direkter Konkurrenzsituatioun zum Privatsecteur steet. Hien ass verflicht fir 40% vu senge Realisatiounen, déi fir de Verkaf destinéiert sinn, zu de Konditioune vum Marché unzebidden. E bëssen aneschters ass et bei de Mietwunnengen, wou een awer en Optrag huet fir gutt an awer esou bëlleg wéi méiglech ze bauen.

Weider muss de Fonds du Logement seng Bauprojete kommerziell géréieren. Dat erkläert sech doduerch, datt de Fonds du Logement d'Totalitéit vun de Fonctionnements- a Reparaturkäschten iwwerhuele muss. Et ass dofir wichteg, datt hie mat Entreprisë muss kënne schaffen op déi Verlooss ass an déi séier op der Plaz si wa Reparaturen ufalen.

All déi Argumenter hunn och scho bei der Schafung vum Fonds du Logement gegollen, soss wier deemools scho wéi bei anere Fongen, zum Beispill de Fonds du Kirchberg an dem Remembrement, an d'Gesetz stoe komm, datt de Fonds du Logement dem Marchés-publics-Gesetz géing ënnerleien. Deem war awer schonn deemools net esou. Selbstverständlech ënnerläit de Fonds du Logement dem Livre 2 vum Marchés-publics-Gesetz, dat heescht bei Aarbechte vun iwwer 5 Milliounen Euro Index 100, e Seuil wou no der EU-Direktiv iwwert de Journal officiel vun der Europäescher Communautéit muss ausgeschriwwe ginn.

Här President, ech muss Iech soen datt ech perséinlech kee Versteesdemech fir der Handwierkerkummer hir Kriticken an Oflehnung zur Ausnahmeregelung fir de Fonds du Logement hunn. Ech schätzen dës Regelung als eng positiv Saach fir d'Lëtzebuerger Handwierksbetriber. Dës Regelung ass eng Chance fir eist Handwierk. Si kënnt net nëmmen deene groussen, mä besonnesch deene klengen Handwierksbetriber entgéint.

Wéi begrënnen ech dës Aschätzung? Mä well dës Regelung et dem Fonds du Logement erméiglecht fir haaptsächlech op Lëtzebuerger Handwierksbetriber zréckzegräifen, deen domat net méi an direkter Konkurrenzsituatioun mat auslännesche Handwierksbetriber, besonnesch an dem Grenzgebitt ass. Et muss een nämlech wëssen, wann de Fonds du Logement ganz ënnert d'Marchés-publics-Législatioun fale géif, datt dann och déi auslännesch Entreprisen de Lëtzebuerger Betriber Konkurrenz am Beräich vum soziale Wunnengsmarché maache kéinten. Eis ass gesot ginn, datt bis elo nëmme Lëtzebuerger Entreprisë fir de Fong geschafft hunn, a priori gëtt keng Entreprise ausgeschloss déi mam Fong schaffe wëll.

Fir dëst Kapitel ofzeschléissen, wëll ech e Saz zitéieren aus engem Bréif, deen d'Société nationale des habitations à bon marché un de Chamberpresident geschéckt huet, an dat zu engem Moment wéi gemengt ginn ass, déi géingen eventuell och ënnert d'Konditioune vum Marchés-publics-Gesetz falen: „Vouloir contraindre la société à suivre les procédures découlant du projet de loi sur les marchés publics aurait pour conséquence de la priver de sa liberté d'action et ne lui permettrait plus de respecter les engagements qu'elle doit prendre dans l'exécution de son objet social." Dës Aschätzung deelen ech, a wat fir d'Société nationale des habitations à bon marché richteg ass, gëllt och fir de Fonds du Logement. En plus wëll ech soen, datt mer hei net géint eng EU-Direktiv verstoussen, déi léisst dës Méiglechkeet op, e Fait deen och net vum Statsrot, trotz senge Bedenke géint déi Ausnahm, esou gesi gëtt.

An der Diskussioun vun der Problematik mam Fonds du Logement konnte mer awer feststellen, datt eenzel Prozeduren, déi beim Fonds du Logement ugewannt ginn, vläicht e bëssen onorthodox sinn, zum Beispill datt d'Ouverture vu Soumissiounen net öffentlech ass. Als Kommissioun hu mer gemengt, dat wier net richteg. Säit där Diskussioun gëtt dat vum Fong schonn net méi esou gehandhaabt.

Des Weideren hu mer gemengt, datt de Fonds du Logement déi vum CRTI-B ausgeschaffte Clauses et conditions techniques betreffend déi eenzel Handwierksberäicher misst berücksichtegen. Fir dat ze ënnermauere wéilt ech Iech, Här President, eng Motioun iwwerreechen, wou de Fonds du Logement dozou opgefuerdert gëtt an der Zukunft déi technesch Konditiounen, ausgeschafft vum CRTI-B, ze berücksichtegen. Ech betounen, déi technesch Konditiounen. Si hu scho versprach déi an der Zukunft ze applizéieren, mä duerch dës Motioun wollte mir dat nach eng Kéier ënnermaueren.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le paragraphe 1 de l'article 20 de la nouvelle loi sur les marchés publics prévoit que „les dispositions du Livre I de la loi sur les marchés publics ne s'appliquent pas aux appels à la concurrence à opérer pour le Fonds pour le logement à coût modéré pour la réalisation de logements";*

*- considérant le Centre de Ressources des Technologies de l'Information pour le Bâtiment (CRTI-B) a élaboré des clauses contractuelles, ainsi que des clauses techniques tant générales que particulières qui sont dorénavant applicables aux marchés publics;*

*- considérant que toutes ces clauses ont été déclarées applicables aux marchés publics;*

*invite le Gouvernement*

*- à inciter le Fonds du Logement à respecter et à appliquer les clauses et conditions élaborées par le CRTI-B.*

*(s.) Nicolas Strotz, Gusty Graas, Nico Loes, Marcel Sauber, John Schummer.*

Well de Rapporteur, den Här Nico Loes, am Detail op eenzel Ëmännerungen agaangen ass, erlaabt dat mir mech op eenzel Punkten ze beschränken.

Zu de Prozedure sief gesot, datt d'Soumissioun publique d'Regel bleift, esou wéi dat och am ale Gesetz war. Nei derbäi kënnt d'Soumission restreinte avec publication d'avis. Dëst erlaabt fir d'éischt en Appel de candidature ze maachen, fir duerno dann eng Selektioun vu Kandidaten no virdru festgeluechte Kritären ze maachen a mat deenen dann eng Soumission restreinte gemaach gëtt.

D'Soumission restreinte sans publication d'avis bleift bestoen an de Marché de gré à gré gëtt ersat duerch de Marché négocié. Wéi eng Form vu Marchéen een ofschléisse ka gëtt definéiert duerch déi eenzel Konditiounen an Tauxen, déi nei definéiert ginn. Si si genau am Artikel 8 vum Projet de loi beschriwwen. Si sinn ausschlaggebend fir d'Form vun der Soumissioun ze definéieren, déi erlaabt respektiv méiglech ass, wuel wëssend datt se awer d'Ausnahm musse bleiwen.

Ech wëll nëmmen eng Mesure erausgräifen. Esou ka bei supplementaren an onvirgesinnen Aarbechten e Marché négocié ofgeschloss ginn, dee bis zu 30% - bis elo waren et 20% - iwwert dem Haaptmarché läit.

Global kann ech soen, datt d'Eropsetze vun eenzelnen Tauxë méi héich Marchés négociés erlaabt, déi wuel variabel si jee no Handwierksbranche, ofzeschléissen, wat eisem Handwierk an eisem Mëttelstand zegutt kënnt. Nei ass, datt den zoustännege Ressortminister, respektiv bei de Gemengen de Schäfferot, mat Avis motivé décidéiert, wéini op e Marché négocié oder eng Soumission restreinte sans publication d'avis zréckgegraff gëtt. Dëst erlaabt méi eng schnell Prise de décision, wat am Interessi vun der Ofwécklung vun engem Marché ass.

Woumat de Statsrot sech schwéier gedoen huet ass de Fait, datt an der Zukunft de Stat oder d'Gemeng ee Geleeënheetskaf, zum Beispill bei enger Faillite, kann tätegen. Als CSV si mer der Meenung, datt en Occasiounskaf muss méiglech sinn. Mir begréissen dës nei Ouverture an der Rumm vum Marché négocié, esou wéi mer och begréissen datt nieft der Arméi och d'Police, d'Douane an d'Services de secours bei der Beschafung vun eenheetlechem Ausrüstungsmaterial op de Marché négocié kënnen zréckgräifen.

Ass d'Dauer vun engem öffentleche Marché am Prinzip op e Budgetsjoer begrenzt, esou mussen Ausnahme méiglech bleiwen, well eng grouss Zuel vu Marchéë sech iwwert d'Dauer vun engem Joer erauserstrecken. Ausnahme sinn dann och am Projet de loi virgeschriwwen. Bei gréisseren Aarbechten iwwert e gewëssene Montant sinn et d'office dräi Joer. Geet et doriwwer eraus muss dat spezifesch am Spezialgesetz, wat fir déi grouss Projete gemaach muss ginn, spezifizéiert ginn, an da gëllen déi Verlängerunge vun där Zäit net nëmme fir d'Aarbechte selwer, mä och fir all déi Marchéën, och Ingenieurskontrakter, déi dorun hänken.

Wat d'Dekonten ugeet ass am Gesetz festgehale ginn, datt ee Joer no der Rezeptioun vun de Gesamtaarbechten definitiv en Dekont gemaach muss ginn. Aus wéi engen Ursaachen och ëmmer sinn an der Vergaangenheet eenzel Dekonte jorelaang schleefe gelooss ginn. Dëst ass keng gutt Prozedur an dofir war et scho wichteg en Délai an d'Gesetz ze schreiwen. Den Ofschlossdekont mat dem Devis initial vergläichen, esou wéi et fréier war, ass net méiglech. Dofir hu mer an der Kommissioun gesot, datt an Zukunft d'Comparaisoun mat dem Ausschreiwungsdevis muss gemaach ginn. Esou kënne Saache matenee verglach ginn, déi och mateneen ze vergläiche sinn.

Hei wëll ech eng Klammer opmaache fir d'Madame Minister ze froen, ob hir Iddi, fir d'Prozedur fir d'Genehmegung vu Projeten iwwert de Wee vun engem dueble Vote an der Chamber ze änneren, nach ëmmer aktuell ass? Et geet jo hei drëm fir engersäits beim éischte Vote de Prinzip vun den Aarbechten ze arrêtéieren a beim zweete Vote, nodeems datt déi detailléiert Plangen ausgeschafft an e genauen Devis erstallt ass, mer e realitéitsnoen Devis stëmme kënnen, a mer domat déi leideg Fro vun den Dépassementer vun Devisë besser an de Grëff kréien.

Als CSV sti mer hannert esou enger Approche, wuel wëssend datt domadder d'Problemer net all geléist sinn, mä datt awer fir méi Transparenz gesuergt wier. Och den OAI géif esou eng Approche begréissen, well da kéint d'Konzeptiounsphas vun engem Projet och am Detail studéiert ginn.

E wichtegen Artikel am Gesetzesprojet ass den Artikel 16, deen d'Soumissiounskommissioun reformëiert. Ass den administrative Volet quasi bis elo vun engem Einmannbetrib ofgedeckt ginn, esou kritt d'Soumissiounskommissioun, déi sech paritéitesch aus Leit vum Pouvoir adjudicataire an de Beruffschamberen, also aus néng Leit zesummesetzt, elo zu hirer Säit e Service administratif, ouni deen déi ufalend Aarbechten, déi am Règlement grand-ducal am Detail geregelt sinn, net ze bewältege sinn, besonnesch well hir Aufgaben oft nach erweidert ginn. Esou ka bei der Soumissiounskommissioun zum Beispill och e Recours ageluecht gi géint eng Soumission restreinte sans publication d'avis oder e Marché négocié vun iwwer 25.000 Euro Index 100. Si ass zoustänneg fir Stat, Gemengen an Etablissements publics. Si gëtt Avis consultatifs of, déi an deenen allermeeschte Fäll befollegt ginn, a verhënnert esou ganz oft laangwiereg Geriichtsprozesser.

Datt den Ordre des architectes et ingénieurs conseils kee Member, sou wéi vun hinne gefuerdert, an der Soumissiounskommissioun kritt, soll se net verdréissen. Gewëss, si kennen d'Matière, kënnen awer net Contrôleur a Contrôlé sinn. Als OAI hu si e ganz positive Beitrag zum Projet de loi a besonnesch zum Ausféierungsreglement geleescht, wat och de Ministère unerkannt huet an hinnen zougesot huet, fir zweemol am Joer déi ustehend Problematik mat hinnen ze diskutéieren, wat de Rapporteur och a sengem schréftleche Rapport esou zréckbehalen huet, wourop den OAI sech dann och ëmmer ka beruffen.

Géint den Avis vum Statsrot ass am Artikel 4 mat agebaut ginn, dass de Pouvoir adjudicateur dofir suerge muss dass bei den Ausschreiwungen, respektiv dem Zouschlag vun dem Marché dem Schutz vun der Ëmwelt a Förderung vum Développement durable Rechnung gedroe gëtt. Als CSV-Fraktioun si mer der Meenung, dass, wann déi Notiounen haut dem Droit communautaire ugehéieren, se och an dësem Gesetz solle verankert ginn, wat dann och geschitt ass. Dofir verstinn ech net en Deel aus engem Leitartikel vun haut, deen ech elo just de Moien nach gelies hunn, …

***(Interruptions diverses)***

…dee sech domadder wëllt befaassen an awer dat net esou richteg erëmgëtt, an do kommen ech dann nach drop zréck.

***(Interruptions diverses)***

Esou wéi et am Gesetzesartikel 4 virgeschriwwen ass, huet dat dann och erëm Konsequenzen op den Artikel 11, wou et ëm d'Attributioun vun de Marchéë geet. Prinzipiell kritt deen d'Aarbecht zougeschloen, deen d'Offre économiquement la plus avantageuse presentéiert, an déi ënnert deenen dräi bëllegsten erausgesicht gëtt. D'Notioun vun der Offre économiquement la plus avantageuse gëtt am Artikel 89 vum Règlement grand-ducal definéiert. An deem Artikel steet, dass bei der Analys vun der Offer de Pouvoir adjucateur respektiv d'Soumissiounskommissioun sech un d'Kritäre vum Cahier des charges orientéiert. Dëst muss esou sinn, fir dem Arbitraire e Rigel virzesetzen a fir ze verhënneren, dass net dauernd Prozesser um Tribunal administratif unhängeg sinn.

Fir dass et net zu subjektiver Interpretatioun ka kommen, mussen dofir déi Kritären och an enger Relation directe mam Marché sinn. Dës Kritären, déi technescher, finanzieller, ekonomescher, ekologescher a sozialspezifescher Natur sinn, si variabel a kënnen ënner anerem beinhalten - hei ass villes méiglech - de Präis, den Ausféierungsdélai, d'Rentabilitéit, de Caractère esthétique, de Service après-vente an esou weider. Awer och d'Valeur écologique, den Energieverbrauch, den Aspect social, de fairen Handel, wou haaptsächlech dann an deem Artikel och d'Kanneraarbecht ugeschwat gëtt. Alles ass méiglech iwwert den Artikel 89 vum Reglement an engem Cahier des charges festzeschreiwen.

Dat heescht, deene Wäerter, déi vun enger Koalitioun vun Organisatioune gefuerdert si ginn, kann an deem Cahier des charges Rechnung gedroe ginn. A wann dann am Artikel 4 vum Gesetz d'Philosophie dra festgehalen ass, och soll a muss Rechnung gedroe ginn.

Als Kommissioun hu mer bewierkt, och wa mer als Chamber net en direkten Afloss op d'Reglement hunn, dass déi Wäerter an dem Artikel 89 zum Reglement quasi géint den Avis vum Statsrot agefloss sinn. Et kann net sinn, dass esou Fuerderungen an e Gesetz stoe kommen an egal wou an egal zu wat kënne géint aner Kritären agesat ginn. Si mussen nun eemol am Cahier des charges festgeschriwwe ginn.

Ech hoffen, dass déi bei de betreffenden Organisatiounen, wou mer eis des Öftere beméit hunn deenen dat ze erklären a vun deene Memberen ech Eenzelner wéi Transfair Minka fir hiren Asaz bewonneren, an och d'Madame Wagener vun deene Gréngen, déi sech an der Kommissioun och mat dofir agesat huet, dat agesinn a mat der Léisung, déi eenzeg déi duerchféierbar ass, d'accord sinn.

Dofir wier ech frou wann endlech déi Désinformatioun vum Groupement a Press a Medië géif ophalen, mä leider muss ech soen dass Eenzelner sech einfach net beléiere wëlle loossen.

Als CSV-Fraktioun si mer op jidde Fall der Meenung, dass déi zréckbehale Formulatioun alle Kritäre Rechnung dréit an eng wichteg Neierung bei der Bëuerteelung vun der Offer duerstellt.

***(Interruption)***

D'Madame Wagener wëllt et einfach net léieren.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Ech erkläeren Iech dat herno.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Loosst den Här Strotz schwätzen.

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Vu dass et nach keng europäesch Norme fir ekologescht Baumaterial gëtt, hunn d'Bâtiments publics en ekologesche Leitfaden ausgeschafft, deen elo schonn zur Uwendung kënnt. Mäi Wonsch wier awer, wann dee Leitfade vläicht zesumme mam CRTI-B iwwerschafft géif ginn, an doraus dann e Cahier spécial des charges fir Ekologie géing entstoen, deen dann iwwer e Règlement grand-ducal esou wéi d'Cahiers spéciaux des charges vun aneren Handwierksberuffer obligatoresch gemaach géif ginn a wourun dann d'Architekten an aner Interesséierter sech kënnen orientéieren.

Am Kader vun der Diskussioun iwwert d'Critères sociaux ass eis säitens dem Här Hilger gesot ginn, dass d'europäesch Kommissioun géif driwwer nodenke wéi een de Problem vun de Laangzäitaarbechtslosen an d'Marchés-publics-Législatioun kënnt integréieren. Mir wëssen, dass och mir am Kader vum PAN-Gesetz Initiative geholl hu fir jugendlech Aarbechtsloser an den Aarbechtsprozess ze integréieren. A mir wëssen och, dass mir do laanscht dem Marchés-publics-Gesetz lafen. Zu engem gewësse Moment sollt no Léisunge gesicht ginn, déi dann an de Projet de loi vun haut sollten integréiert ginn.

Opgrond vun Aussoe vum Här Aarbechtsminister an enger Sitzung mat der Commission de l'Exécution budgétaire huet hien deklaréiert, datt hie wëllt kuerzfristeg, anscheinend deen nächste Mount, en extrae Projet de loi doriwwer déposéieren. Dorfir ass d'Iddi fale gelooss gi fir eppes doriwwer an dëse Projet de loi mat eran ze huelen, wat dann och méi wéi sécher zu engem längere Verschleefe vun dësem Projet gefouert hätt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt nach just op e puer Neierungen am Reglement hiweisen, e Reglement wat am Ganzen 347 Artikele beinhalt a wat parallell mam neie Gesetz den 1. September 2003 rechtskräfteg gëtt.

Als Sous-traitant däerf een an Zukunft sech zum Beispill bei enger Soumissioun, déi als Entreprise générale ausgeschriwwe gëtt, nëmme méi bei enger Associatioun bedeelegen. Dat ass elo realistesch, kann awer zu Problemer féieren, well mer a verschiddene Beräicher nëmmen eng limitéiert Zuel vun Entreprisen hunn, déi ermächtegt si spezialiséiert Aarbechten duerchzeféieren. Kritt elo déi Associatioun, bei där e matmécht, de Marché net, esou ass och de Sous-traitant dobaussen. Hätt dee sech, esou wéi bis elo d'Geflogenheete waren, nach bei enger anerer Associatioun bedeelegt, wiere seng Chancë méi grouss gewiescht um Marché bedeelegt ze sinn. Dëst ass awer an Zukunft net méi méiglech.

E Punkt, deen a konzernéierte Kreeser fir vill Opreegung wäert suergen, ass, dass besonnesch a Verwaltungen all Akont an all Facture ee Mount no der Presentatioun muss liquidéiert ginn, soss musse Verzuchszënse bezuelt ginn, et sief et wier anescht am Cahier spécial des charges virgesinn. Den toleréierte Maximum bleift awer dann och nach 60 Deeg. Dës Ausbezuelungsdélaien, déi wuel am Interessi vun den Entreprisen a Fournisseure sinn, wäerte munch Verwaltung virun nei Erausfuerderunge stellen. Aus eegener Erfahrung kann ech elo scho behaapten, dass déi Délaien des Öfteren iwwerzu wäerte ginn. Si entspriechen awer der EU-Direktiv a sinn dofir och esou am Artikel 134 festgeschriwwen.

E weidere wichtege Punkt ass d'Mise en ligne vun de Marchés publics. Den Objectif ass fir à terme déi ganz Prozeduren op Support électronique ze kréien. An enger éischter Etapp wäert dat de Fall mat der Publikatioun vun den Avisen an der Mise à disposition vun de Cahiers des charges sinn. Am Ufank wäerten och nëmmen de Ministère des Travaux publics an de Ministère de la Fonction publique un dëser Prozedur deelhuelen. No an no wäerten aner Verwaltungen derbäi kommen. D'Initiateure vun der Mise en ligne si sech bewosst, datt een déi Kleng- a Mëttelbetriber net forcéiere ka fir sech vun engem Dag op deen aneren e sophistikéierten Informatiounssystem zouzeleeën. D'Iddi ass fir behutsam virzegoen. Et geet drëm fir d'Leit ze iwwerzeegen, datt d'Mise en ligne am Endeffekt d'Produktivitéit an d'Kompetitivitéit steigere wäert.

Zum Schluss, Här President, wëll ech nach ervirhiewen, dass am Titre 3 vum Reglement iwwert d'Dispositions spécifiques applicables en marchés publics relevant des collectivités territoriales, also de Gemenge mat als Kommissioun, an Diskussioun mam Ministère de l'Intérieur wesentlech Verbesserungen a Vereinfachungen a verschidde Prozeduren erabruecht hunn. Den Här Rapporteur ass dorobber agaangen.

De Projet de loi 4635, wa mer en haut hei stëmmen, wouvun ech ausginn, an dat dozou gehéierend Reglement trieden den 1. September vun dësem Joer a Kraaft. D'Zäit, déi bis dohi bleift, muss genotzt gi fir d'Neierunge vum Gesetz public ze maachen. De Stat, dat heescht Travaux publics an Intérieur, mat dem SYVICOL, esou wéi d'Beruffschambere si gefuerdert, fir datt eis Verwaltungen, Gemengen a Betriber sech bis dann op déi nei Bestëmmungen agestallt hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Reform vum Marchés-publics-Gesetz beinhalt niewent qualitativen an technesche Verbesserungen och administrativ Vereinfachungen, esou wéi prozedural Erliichterungen, vun deenen all concernéiert Acteure wäerte profitéieren, an dofir ginn ech am Numm vun der CSV selbstverständlech och den Accord zu dësem wichtege Projet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Strotz. Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer ageschriwwen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wäerten dat Gesetz net stëmmen. Mir enthalen eis bei dësem Gesetz, dat fir do unzeschléissen, wou den Här Strotz opgehalen huet.

Ech wëll och net d'Gesetz hei widderhuelen aus enger ganzer Serie vun Ursaachen, well et e laangt Gesetz ass, technesch ass a vill Detailer scho gesot gi sinn, an esou wéi den Här Loes wäert ech mech beschränken op e puer Remarken. Den Här Wohlfart huet sech mat mir d'Aarbecht opgedeelt a schwätzt iwwer verschidde Punkten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Reform vun der Législatioun iwwert d'Marchés publics ass absolut noutwendeg gewiescht.

Éischtens hu mer eng europäesch Gesetzgebung, déi permanent changéiert. Mir si gezwongen Direktiven ëmzesetzen a wa mer déi eng ëmgesat hunn, da stinn déi nächst an déi iwwernächst schonn an d'Haus.

Zweetens, um nationale Plang ass et noutwendeg gewiescht fir eng Vereinfachung vun de Prozeduren erbäizeféieren, fir en Toilettage vun deene villen Texter ze maachen, déi existéieren, déi existéiert hunn am Beräich vun de Marchés publics, vun den öffentlechen Ausschreiwungen.

Drëttens huelen d'Marchéen ëmmer méi zou. Et ginn der ëmmer méi, wat bedéngt datt ëmmer méi Aarbecht ufält. A wat d'Aarbecht méi komplizéiert ass, wat et méi schwiereg gëtt fir déi vill Marchéen ofzewéckelen. An dann eppes ganz Wichteges, menger Meenung no, mir passen heimadder och d'Gesetz un d'wirtschaftlech Donnéeën un.

Dat ass eminent wichteg. Dat heite Gesetz huet e sozio-ökonomeschen Impakt wéi wéineg anerer, déi mer hei an der Chamber stëmmen. Et ass e komplext Gesetz. Mir hu jorelaang dodru geschafft: de Stat, d'Verwaltungen, virun allem de Ministère, d'Beamten, den Här Georges Hilger an elo den Här Pauly. Ech soen hinnen och am Numm vu menger Fraktioun merci fir déi Aarbecht, déi se geleescht hunn.

Eng diskret Aarbecht, deelweis eng berodend Aarbecht an hir Argumenter, déi se an der Chamberskommissioun bruecht hunn, déi waren iwwerzeegend, zum gréissten Deel och fir meng Fraktioun. Si hunn eng Sisyphusaarbecht geleescht. Dee Steen, dee se ewell bis heihinner erop gerullt hunn, dee wäert deemnächst nees ugepaakt ginn an nees vun ënnen erop nach eng Kéier gedriwwe ginn an da wäert en nees erof rullen. Dat ass esou an deem Job, deen den Här Hilger a seng Mataarbechter maachen.

De Conseil d'Etat huet siwen Avisen ofginn, och dat ass net esou evident.

***(Interruption)***

Aacht Avisen.

Ah jo, et gëtt de Basis-avis an da ginn et siwen Avis complémentaires, dat heescht och datt d'Chamberskommissioun an d'Milieuen, déi virun allem och als, ech soen net als Presserot operéiert hunn, mä déi berodend elei agewierkt hunn, schonn och hir Aarbecht gemaach hunn. De Statsrot, an dat muss ech och emol fir eng Kéier soen, huet awer an den Délaien operéiert an eis weider net virun ze vill laang Délaie gestallt.

Mir haten och Hearingen an der Kommissioun, Hearinge mat de Concernéierten an interesséierte Kreesser. Mir hunn Avisë vu concernéierten Organisatioune kritt a fir mech ass et och symptomatesch, datt sech eng regelrecht Koalitioun gebilt huet vun Organisatiounen, déi an de Beräicher Ekologie a Sozialwirtschaft täteg sinn. Dat beweist, datt dat Gesetz net nëmmen en technescht Gesetz ass, mä vill Resonanz an der Ekonomie fonnt huet. Dat erkläert sech - ech war iwwerrascht wéi ech dat gelies hunn - doduerch datt 16% vum PIB iwwert d'Prozedure vun den öffentlechen Ausschreiwungen ofgewéckelt ginn, dat heescht hei gräife mer enorm an de wirtschaftlechen Oflaf vu Lëtzebuerg an.

D'Prinzipien, déi elo un der Basis vun der Reform stinn, sinn déi heiten, an ech mengen dass déi och wesentlech si fir d'Kohärenz vun engem Stat. Éischtens muss eng öffentlech Ausschreiwung no prezisen, no ganz klore Regelen ofgewéckelt ginn. Zweetens mussen all d'Soumissionnairë d'selwecht behandelt ginn. Dat kann ee Gerechtegkeet nennen an et kann een et Transparenz nennen. Drëttens muss déi bescht Offer den Zouschlag kréien a véiertens mussen d'Ausschreiwung an d'Adjudicatioun an Transparenz geschéien, dat heescht déi Transparenz muss fir all déi evident sinn, déi bei der Soumissioun matmaachen. Dat sinn déi grouss Prinzipie vun der öffentlecher Ausschreiwung. Dat Gesetz brëngt elo eng Serie vu Verbesserungen iwwert déi mer ganz frou sinn.



Ech soen dann och dem Rapporteur villmools merci fir dee Rapport, deen hie reduzéiert huet op dat Noutwendegt, mä dee Rapport ass awer äusserst iwwersiichtlech. Ech soen him och merci, datt déi Differenzen, déi mer an der Kommissioun haten an déi mer net konnten aus dem Wee raumen, awer hiren Néierschlag fonnt hunn an dësem Rapport, esou datt also ganz kloer ass wie bei bestëmmte Punkten eng aner Positioun ageholl huet. Och dat ass bei bestëmmte Rapporteuren net onbedéngt evident, datt dat sech esou erëmspigelt.

Ech zitéieren dat Wesentlecht. Éischtens d'Aféiere vun der Soumission restreinte avec publication d'avis. Zweetens dann d'Schafe vu Kritären, fir de berühmte Begréff „l'offre économiquement la plus avantageuse" emol anescht ze definéiere wéi dat bis elo ëmmer de Fall war. Dat war nämlech déi bëllegst Offer, wat och fir den Adjudicataire déi bequemsten Aart a Weis war eng Décisioun ze huelen, mä bestëmmt net déi, déi am meeschte Garantie ginn huet, datt d'Ofwécklung vun den Aarbechten herno dann och beschtméiglechst geschéie konnt.

Drëttens dann den Artikel 11, wou ech fannen dass och eng äusserst wesentlech Ännerung dra steet, an zwar datt de Choix elo kann tëschent den dräi éischtklasséierten Offere getraff ginn. Déi véiert Ännerung, déi ech hei erauspicken, ass d'Upassung un d'modern Technologien, dat ass och an den Text erageschriwwe ginn. Mir schwätze vu Support informatique, deen zougelooss gëtt. Elo ass do awer eng Dier opgestouss ginn, déi an e Raum féiert, dee mer bestëmmt nach net ganz iwwerblécken, an och dat ass en Deel vun der Sisyphusaarbecht, déi nach virun dem Ministère läit, Madame Minister.

Dobäi kommen nach eng Rei vun anere Modifikatiounen, wéi zum Beispill d'Schafung vun enger administrativer Zell bei der Soumissiounskommissioun, wat schonn dozou bäidroe wäert datt dee Prozedurskrich, dee munchmol gefouert gëtt, vill méi schnell a besser ofgewéckelt gi kann. D'Leit, déi Soumissiounen ausschreiwen, an och déi, déi der aginn, brauchen ëmmer méi Berodung, an ech hoffen datt dat iwwert déi doten Zell da garantéiert gëtt.

Ze begréissen ass virun allem datt d'Absicht besteet, iwwert e Règlement grand-ducal standardiséiert Cahiers spéciaux des charges zur Verfügung ze stellen. Dat ass ganz gutt fir déi zwou Parteien, souwuel fir d'Adjudicatairë wéi fir d'Soumissionnairen.

Mir begréissen, datt déi finanziell Seuile fir besonnesch Marchéen ofzeschléissen, Marchéen déi heefeg vu Gemengen ofgeschloss ginn, geännert ginn. D'Zommen, déi am Rapport stinn, si gerechent op den Index vum Januar 2003. Dat muss ee soen, net datt een do op d'Iddi kënnt dat wär e Seuilenindex 100 vun 1948. Da muss ech awer soen, da wär ech nach méi glécklech driwwer wéi dat elo schonn de Fall ass.

Mir hu gestridde fir déi Seuile méiglechst héich ze kréien. An där Sëtzung, wou mer eis am meeschten agesat haten, ware bezeechnenderweis bal lauter Gemengepolitiker um Dësch, déi de Match gemaach hu fir hir Administratioun. Ech weess net, ob mer e ganz gewonnen hunn, mä op jidde Fall sinn d'Seuile jeeweils ronn ëm 120% an d'Luucht gaange par rapport zu deene Seuilen, déi virdru bestanen hunn: 22.000 Euro, 33.000 Euro a 44.000 Euro. Domat droe mer der Präisentwécklung ganz einfach Rechnung.

Bei der Soumission restreinte mat publication d'avis si mer op 125.000 Euro als Seuil. Och domadder muss ee liewe kënnen. Dobäi kënnt eng prezis Definitioun vun den Aarbechten déi betraff si vun deenen eenzelne Seuilen. Dat ass gutt esou, wann dat bekannt ass. Ech mengen och, datt dat hei d'Geleeënheet ass fir de Milieuen aus der Wirtschaft dat matzedeelen.

Mir begréisse verschidden Neierungen, déi och an der Kommissioun zu Diskussioune gefouert hunn. Iwwert en Amendement huet d'Kommissioun d'Etablissements publics, déi vum Stat ofhängeg sinn, an d'Pflicht geholl. Si si vum 1. September 2003 u gezwonge sech un dëst Gesetz ze halen. Ech zitéiere se net, mä déi Etablissements publics si jo awer kloer definéiert. Si mussen eng Aarbecht maachen, déi am Intérêt général ass, a si mussen och eng juristesch Persoun hunn.

Mir hunn iwwert de Fonds du Logement diskutéiert. Den Här Strotz huet elo probéiert e Plädoyer ze maache fir de Fonds du Logement erauszehalen aus deenen Obligatiounen, mä de Kolleeg Wohlfart wäert beweisen, datt de Fonds du Logement dra gehéiert.

Ech iwwerloossen him dat. Ech wëll just dat heite soe bei där Diskussioun. Wéi den Direkter vum Fonds du Logement säi Plädoyer gehalen huet fir de Fonds du Logement, wéinst där duebler Operatioun déi hie mécht, eben net ënnert dëst Gesetz falen ze loossen, du sinn ech schrecklech neidesch ginn. Ech hu geduecht, wann ee sech net un d'Gesetz ze hale brauch fir kënne besser Aarbecht ze leeschten, fir méi fir d'Lëtzebuerger Ekonomie ze maachen, fir méi schnell kënnen ze schaffen a fir dat wat e produzéiert méi bëlleg un d'Leit weider ze ginn, ma nondifletsch: Firwat sinn d'Gemengen da gezwonge sech dodrun ze halen?

Dat kann dach net sinn. An et schéngt jo sou ze sinn, datt den Directeur awer d'Majoritéit iwwerzeegt huet. Voilà, dat war eng Leeschtung. Ech si mer e bësse virkomm wéi een, deen awer do liicht op den Aarm geholl gëtt.

***(Interruptions)***

Ech hat ëmmer geduecht datt d'Gemengen och am Intérêt général géife Wunnengsbau maachen an Haiser opriichten an esou weider, an dat schéngt awer net de Fall ze sinn.

Et gëtt eng Serie vun Ausnahmen am Gesetz accordéiert fir d'Arméi a fir d'Police. Wichteg ass och - ech sinn dat gefrot ginn an hu mer dat och bestätege gelooss -, datt awer och aner Services de secours bei spezielle Marchéen an déi maartspeziell Marchéen dann eben net an dee Prozedurskrich erafalen, wat dat dann och ëmmer nëmme bedeit. Zum Beispill d'Protection civile an och d'Pompjeeën, déi falen ënnert déi Ausnahmebestëmmungen, dee Moment wou se am Intérêt vun der Sécherheet operéieren oder am Intérêt wou de Secret muss garantéiert ginn a wann d'Violatioun vum Secret kéint zu Schwieregkeete féieren. Da kënne se eng Soumission restreinte maachen, oder awer e Marché négocié.

Nach e Wuert zu de Gemengen. Ouni Zweifel gëtt et hei eng Serie vun Erliichterungen, déi mir begréissen. Déi berühmt Prozedur wann eng Gemeng e Bauprojet op de Wee gëtt, wat da geschitt vum Avant-projet sommaire bis zum Avant-projet définitif, do vergeet eng laang Zäit, an elo dierft dann endlech dat geschéien, wat mer schonn oft gefrot hunn a wat och deelweis scho gelaf ass, ouni datt et esou legal war, nämlech d'Avisen, déi soss gesammelt gi sinn, an hu misste gesammelt ginn, vum Distriktskommissariat, deen dann all Projetë geschéckt kritt, déi a sengem Beräich, a sengem Distrikt eben ufalen, kënnen elo iwwert d'Büroe gesammelt ginn an da bäigeluecht ginn.

Et stellt sech eng wesentlech Fro iwwert déi mer och geschwat hunn, ob ee bei deenen zwee Projete bleiwe muss; den Avant-projet sommaire virum Projet définitif. Ech

sinn der Meenung, datt dat soll esou sinn, fir eng Garantie ze hunn. Datt awer keng Kuebereien an deem Projet sinn, muss eng Kontroll ausgeübt ginn, och vum Stat iwwert d'Gemengen an dowéinst ass d'Bäibehale vun deenen zwee Projeten absolut ze vertrieden.

Zweetens da sinn d'Seuilen an d'Luucht gehuewe ginn. Et ass ganz, ganz wichteg, datt d'Gemengen, déi vill Geld investéieren, elo och kënnen ënner manner schwéiere Prozeduren ausschreiwen - soe mer mol esou - a méi schnell Décisiounen huelen, wéi dat virdrun de Fall war. An de Seuil vu 75.000 Euro, deen ass aus onerkläerleche Grënn einfach mol zéng op 750.000 Euro gesat ginn. D'Logik dovu weess ech net, mä e Fait ass, datt ee mat 750.000 Euro scho vill baue kann. Dat steet am Artikel 156 dra vum Projet de règlement an dat wat virdru 7.500 Euro war geet elo op 250.000 Euro.

Mir hunn déi Zommen zur Kenntnis geholl a geduecht, dat ass gutt esou, dat ass eis gehollef, d'Schwéierfällegkeete ginn ofgebaut, Erliichterunge fir d'Gemengen, dat ass gutt. Natierlech muss een nach ëmmer soen, datt de Ministère de l'Intérieur scho fir d'Gemengen eng Kontrollinstanz ass, awer ouni Zweifel och eng Brems, eng administrativ Brems. A wann een de Gemenge wierklech wëllt hëllefen, fir Bauprojeten a Projeten, och Servicer, kënne gutt ofzewéckelen, schnell ofzewéckelen, da muss fir d'éischt am Ministère de l'Intérieur och reforméiert ginn. A wann een iwwert d'Relatioune tësche Stat a Gemengen nodenkt, da muss dat hei ee Kapitel sinn an deem Rapport an an deem Pabeier.

Dann ee Wuert zur Coalition pour l'intégration de critères sociaux, écologiques et de commerce équitable dans les marchés publics. Den Här Strotz huet gesot, dat hei wier kee politesche Projet. Ech sinn der Meenung, datt et en eminent politesche Projet ass, éischtens aus wirtschaftleche Grënn an zweetens aus sozialgesellschaftleche Grënn.

Déi Koalitioun - dat ass en héichtrabenden Ausdrock - besteet aus 18 Organisatiounen, a wann ee kuckt, dat sinn net déi mannsten Organisatiounen, do huet se d'Organisatioun aus dem ekologesche Beräich, aus dem Naturschutz, déi huet dann awer d'Gewerkschaften derbäi, déi huet dann och eng Serie vun…

***(Interruption)***

Si huet se all derbäi. Den Här Gibéryen weess dat net.

D'Drëttwelthëllefsorganisatiounen…

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech weess aner Saachen.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Neen, neen, ech hat gemengt Dir wéisst awer, ob all Gewerkschaften an där Koalitioun derbäi sinn.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech ka mer dat schlecht virstellen.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Dann d'Drëttwelthëllefsorganisatiounen. Hir Interventioun steet ënnert dem Motto, deen e folgendermoossen ëmschreiwe kann: Am 21. Jorhonnert gehéieren ekologesch, sozial an ethesch Kritären an d'Soumission publique. Dat ass richteg esou, dat ass wouer a si haten de Wonsch fir aus där Kann-Klausel déi am Gesetz steet - do steet: „…veille à ce que…" - eng Muss-Klausel an d'Gesetz ze maachen. Deem ass d'Kommissioun net nokomm. Awer trotzdeem sinn déi zwee Termen drakomm, iwwert där hir Interpretatioun sech streide léisst.

D'Madame Wagener wäert dat maachen a keen an der Kommissioun war dergéint fir an déi do Législatioun d'Iddi mat erafléissen ze loossen, mä iwwert d'Modalitéite wéi et dra kënnt ware mer gedeeltener Meenung. Festgehale ginn ass, datt elo e Reglement geschriwwe gëtt, e Règlement grandducal - wat jo geschitt -, an datt dann - an dat steet am Gesetz am Artikel 4.2, an ech wollt, bon ech liesen dat awer net vir, dat ass bekannt - iwwert dat Reglement e Cahier général des charges entsteet an dann och nach Cahiers spéciaux.

De Conseil d'Etat wollt - et ass bezeechnend an e bëssen enttäuschend - awer net emol op de Wee goen, fir eng Déclaration de principe an d'Gesetz ze schreiwen. Mir hunn dat awer trotzdeem gemaach an eis relativ wäit op dee Wee beginn, dee vun den Organisatioune gewënscht ass. De Ball läit also elo bei der Regierung an d'Regierung, dat steet am Rapport, dat huet den Här Loes drageschriwwen, soll beim Conseil d'Etat intervenéieren, datt déi Sécherheet, déi mer mussen hunn an déi mer wëllen hunn, wou eng Volonté politique do ass, datt déi dann net contre-carréiert gëtt duerch eventuell Oppositiounen oder duerch Malentenduen. Dat heescht den Artikel 89 vun deem Reglement ass e Schlësselartikel fir d'Ofwéckele vun dësem Gesetz.

An dann ass virgesinn datt déi do Kritären elo un eenzel Marchéé gebonne sinn, u prezis Marchéen. Et ass och eng Pondératioun virgesinn, dat heescht et muss e Regelwierk opgestallt ginn un dat ee sech halen däerf an un dat ee sech hale soll. Firwat net déi Muss-Klausel? Ech soe just d'Argumenter vun der Regierung, an d'Haaptargument war, fir Prozesser aus de Féiss ze goen, well déi Definitiounen net sou kloer si wéi se misste si fir eng juristesch Sécherheet ze ginn.

An anere Wierder elo zesummegefaasst. De Stat ass responsabiliséiert, d'Gemenge si responsabiliséiert an heirauser muss sech eng regelrecht Guidance vun de Marchéen erginn, mir mussen e beaflosse kënnen a Richtung vu méi Ekologie, mir mussen e beaflosse kënnen a Richtung méi sozial Maartwirtschaft an a Richtung ëmweltschounend Technologien.

Ech hunn an deem Zesummenhang dann och eng Motioun virbereet a wollt déi ofginn, ech hunn déi elo net ënnerschriwwen, mä ech reechen Iech déi dann och weider.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le projet de loi N°4635 sur les marchés publics ne comporte pas une obligation formelle en ce qui concerne le respect de critères écologiques, sociaux et éthiques lors de soumissions publiques;*

*- soulignant qu'il serait souhaitable que l'Etat fonctionne comme bon exemple à suivre et montre la voie en ce qui concerne le respect de tels critères lors de soumissions publiques et qu'il s'engage à fixer et à respecter ces critères;*

*- rappelant que toute politique qui se veut durable doit miser sur une politique de prévention dans le domaine écologique plutôt que sur une politique de réparation de dégâts;*

*- sachant que la politique des investissements publics peut influencer fondamentalement les secteurs des travaux, des fournitures et des services;*

*invite le Gouvernement*

*- à faire élaborer et à adopter, dans un délai d'un an à partir de l'entrée en vigueur de la loi en question, un règlement grand-ducal définissant des critères écologiques, sociaux et éthiques de base qui devront être inscrits dans les cahiers de charges spéciaux;*

*- à faire élaborer*

- *par le Ministère de l'Environnement: des critères écologiques pour les adjudicataires, ceci dans les limites de la meilleure technologie disponible et de l'offre sur le marché,*
- *par le Ministère de la Coopération: des critères d'adjudication dans le respect du commerce équitable et des principes d'une économie sociale,*
- *par le Ministère du Travail: des critères d'adjudication tenant compte des droits des travailleurs et notamment de la protection des mineurs;*

*- à se concerter étroitement avec les organisations engagées sur les différents plans précités en vue de l'élaboration de cahiers de charges comportant des obligations pour les adjudicataires sur les plans éthiques, sociaux et écologiques.*

*(s.) Jos Scheuer, Jean Asselborn, Mady Delvaux-Stehres, Jeannot Krecké et Georges Wohlfart.*

An do dra froe mer dann, au vu vun deenen Iwwerleeungen, datt Regierung bannent engem Joer dee Reglement ausschafft an deem déi do Kritären dann dra stinn - des critères écologiques, sociaux et éthiques de base qui devront être inscrits dans les cahiers de charges spéciaux.

An déi sollen ausgeschafft ginn an Zesummenaarbecht oder duerch déi verschidde Ministèren déi concernéiert sinn, de Ministère de l'Environnement soll seng Wënsch erabréngen, de Ministère de la Coopération soll se erabréngen. Do schéngt e Problem ze sinn, ech hunn de Ministère de la Coopération och zoustänneg gemaach fir d'Prinzipie vun der Economie sociale. D'Fro ass: Wat versteet een ënner Economie sociale? Muss een dat net ënnert de Ministère du Travail setzen? An drëttens dann, och de Ministère du Travail deen iwwert d'Garantie vun de Rechter vun den Aarbechter ze bestëmmen huet a besonnesch och d'Protectioun vun de Mineurs.

An dann hu mer gefrot, datt d'Regierung sech wierklech sollt mat den Organisatiounen engagéieren a concertéieren, déi an dëse Beräicher aktiv sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut e wichtegt Gesetz. Et ass eminent technesch an huet och en eminente politeschen Impakt. Mir schafen heimadder en Instrument fir d'Wirtschaft ze sécuriséieren. Mir schafen en Instrument fir d'Korruptioun ze verhënneren. Eminent wichteg, datt een dat och mol eng Kéier seet, datt dat hei d'Schlësselinstrument ass, wat eng Méiglechkeet gëtt, fir datt eis Ekonomie a gëuerdnete Bunne lafe kann.

Mir wäerten eis bei deem Gesetz enthalen, virun allem well d'Etablissements publics net alleguerten dra sinn.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas ageschriwwen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en däitscht Spréchwuert seet: Was lange währt wird endlich gut. Dat trëfft mat Sécherheet och op dëse Projet de loi zou.

De Rapport vum Nico Loes, deem ech iwwregens vun dëser Säit aus wëll félicitéiere fir seng gutt Aarbecht a virun allem awer fir säi laangen Otem, dréit jo ëmmerhin d'Nummer 20 vun den Documents parlementaires. De Statsrot huet jo och net manner wéi aacht Avisë gemaach. All dat heescht mat Sécherheet net, datt dëse Projet net gutt virbereet gewiescht wier, mä et heescht datt et sech ëm e ganz techneschen an ouni Zweifel ganz komplexen Dossier handelt, deen ouni Zweifel op eng ganz seriö Aart a Weis, esouwuel um Niveau vum Ministère wéi och vun der Kommissioun preparéiert gi war. Dëse Projet ass jo ënner anerem och d'Suite vun der Ëmsetzung vun europäeschen Direktiven, e Beweis méi datt Europa och all Dag méi konkret gëtt. Dat bréngt natierlech awer och e gewëssent verännert Ëmfeld fir eis Ekonomie mat sech.

Ze ënnersträichen ass direkt, datt mir et als Demokratesch Partei begréissen, datt elo u sech nach just eng eenzeg Gesetzgebung gëllt, esouwuel fir de Stat ewéi och fir d'Gemengen.

Et ass evident, datt de Gebrauch vun öffentleche Gelder no strenge Regele muss fonctionnéieren. D'Cour des Comptes huet an hirem Avis dat esou ëmschriwwen: „Elle rappelle que l'objectif primordial de la nouvelle loi doit être d'encourager la gestion judicieuse des deniers publics en permettant aux pouvoirs adjudicateurs d'agir à meilleur escient et en renforçant l'égalité d'accès aux commandes publiques."

Besonnesch beim Akaf vu Wueren oder Déngschtleeschtungen däerfe Politiker an och Fonctionnairë keng Méiglechkeet kréie fir iergendwéi op eng arbitraire Aart a Weis virzegoen. Dat ass vläicht net ëmmer ganz ze évitéieren, mä de gesetzleche Kader muss op alle Fall esou kloer sinn, datt Abüe vu vireraus wäit méiglechst ausgeschloss sinn, well grad am Beräich vun de Marchés publics ass de Wee bis bei gewësse Gefällegkeete jo heiansdo net wäit.

Well mir wëllen hei eng kloer Gesetzesgebung schafen, brauche mer e performant Gesetz. Op där anerer Säit ass et awer och evident, datt eng Equitéit tëschent de Betriber garantéiert muss sinn, well jiddferee muss u sech déiselwecht Chance kréie fir bei enger Soumissioun mat ze maachen. Och der Publizitéit fält selbstverständlech eng ganz grouss Roll zou, well wat méi Betriber bei enger Soumissioun mat maachen, wat u sech och eng méi grouss Obligatioun fir den Adjudicateur besteet. Dat ass ouni Zweifel och am Intérêt vun der Notzung vun den öffentleche Gelder.

Schlussendlech däerf een net vergiessen, datt d'Marchés publics insgesamt eng grouss Inzidenz op déi national Ekonomie hunn. De Stat, d'Gemengen an déi öffentlech Betriber investéieren all Joer enorm Zommen an de Bau, respektiv och an Déngschtleeschtungen, déi se vu private Firmen ausféiere loossen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Secteur public ass selbstverständlech net de Secteur privé, an hei sträife mer schonn den éischte Punkt, wou et jo eng Rei vun Diskussioune gouf.

Wat heescht Secteur public? An enger éischter Fassung vum Text vun dem Gesetzesprojet war u sech virgesinn, datt d'Etablissements publics net sollten ënnert dës Geseztgebung falen. Ech rappeléieren awer nach eng Kéier, datt d'Demokratesch Partei domadder vun Ufank un awer hir Schwieregkeeten hat, a si huet sech och däitlech dofir agesat, datt u sech prinzipiell d'Etablissements publics och sollen ënnert dës Gesetzgebung falen, wuel wëssend datt dat natierlech och kann eng Rei vun Nodeeler mat sech bréngen.

Vum Statsrot iwwert d'Beruffschambere bis zur Cour des Comptes war jo Eneegkeet, datt effektiv d'Etablissements publics missten an dësem Gesetz mat respektéiert ginn, mä et muss een an där ganzer Problematik tranchéieren zwëschent Effizienz an Transparenz. Fir eis als Demokratesch Partei ass et jiddefalls ganz kloer: Wann öffentlech Gelder am Spill sinn, da muss eng optimal Transparenz spillen.

An dësem Kontext kënnt een natierlech awer och net derlaanscht, fir e Wuert iwwert de Fonds du Logement hei ze verléieren, wat jo och scho vun de Virriedner ugeschwat ginn ass. Ech gi ganz gären zou, datt et sech hei ëm e bësse méi en delikate Sujet handelt, wou een zwëschent Hummer an Amboss sëtzt. Am Prinzip misst jo och de Fonds du Logement, wéi déi aner Etablissementer behandelt ginn. Wann een allerdings elo d'Attributioune vum Fonds du Logement méi genee analyséiert, da stellt een natierlech fest, wann de Fong och elo géing ënnert d'Marchés-publics-Gesetzgebung falen, datt en dann natierlech och manner kompetitiv géing ginn.

Ech wëll op dëser Plaz net verheemlechen, datt d'Demokratesch Partei nach ëmmer gemëschte Gefiller huet, mä wat déi zréckbehale Léisung allerdéngs ubelaangt, kënne mir dermat liewen. Ech wëll direkt hei ënnersträichen, datt mer selbstverständlech déi Motioun, déi virdrun hei déposéiert ginn ass, och wäerte mat ënnerstëtzen. D'Betriber si sécher, wat ee muss ënnersträichen, hir Facturë bezuelt ze kréien, wann et sech ëm e Marché public handelt, obwuel heiansdo d'Gemenge respektiv de Stat sech eng gewëssen Zäit loossen.

D'DP verteidegt op alle Fall de Prinzip, deen am Artikel 1235 vum Code civil festgehalen ass, an dee seet: „Tout paiement suppose une dette." Dat heescht, d'Leeschtung soll eréischt bezuelt gi wa se realiséiert ass. Allerdéngs gëtt et jo wéi bei all Prinzip och Ausnahmen. Dat war bis d'Reform vum Gesetz vun 1974 net méiglech, mä d'Entwécklung vun eiser Ekonomie a vun eiser Gesellschaft am Allgemengen huet awer bewisen, datt gewëssen Adaptatiounen noutwenneg gi sinn.

1974 haten d'Auteure vum deemolege Gesetz dat folgendermoosse festgehalen: „Le texte doit régler de manière stricte les conditions de modalités d'allocation et de régularisation des avances, qui restent un mode de paiement exceptionnel." Am neie Gesetz maache mir elo e bësse méi eng grouss Ouverture. D'Cour des Comptes huet allerdéngs zu dësem Artikel seng Reserven ugemellt an hätt léiwer d'Bäihehale vun deenen alen Dispositioune gesinn. Effektiv, an dat muss hei ënnerstrach ginn, soll d'Bezuele vun Akonten nëmmen eng Ausnahm duerstellen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Den Artikel 13 vun deem neie Gesetzesprojet hält fest, datt wann een e Cahier général des charges net respektéiert, datt dann och Sanktioune kënnen an Zukunft ausgesprach ginn. U sech ass dat jo och e weidert Element vun enger zousätzlecher Transparenz. Déi ganz Gesetzgebung wäert, vun deem Standpunkt aus gekuckt, deementspriechend Virdeeler am Endeffekt fir eis Betriber bréngen.

Natierlech, dat si mer eis alleguerte bewosst, hunn öffentlech Ausschreiwungen och hir Nodeeler. D'Zäit vun der Ausschreiwung bis zu der Realisatioun vun engem Projet ass munchmol extrem laang. Am Privatsecteur krite se nawell gär dowéinst gro Hoer. D'Konscht besteet eben do dran, fir en Equiliber ze fannen tëschent oppener Gestioun vun öffentleche Gelder an enger zügeger Ofwécklung vun engem Marché. Dofir si jo och an dësem Gesetz eng Rei vu Mechanismen agebaut, déi gegebenenfalls eng méi schnell Ofwécklung vun engem Marché erméiglechen. Ech denken an dësem Kontext natierlech un d'Marchés négociés.

Richteg ass och, datt d'Soumissionnairen nees mussen déi néideg Dokumenter virleeën, fir ze beweisen datt se vis-à-vis vum Stat keng finanziell Obligatiounen hunn. Dat ass en zousätzlecht Argument vun Transparenz. Sécher wäerten elo eenzel Betriber net besonnesch frou sinn, datt zousätzlech adminis-

trativ Aarbechten op se duerkommen, mä am Endeffekt géing ech awer soen, datt dat och zu hirem Virdeel ass, well et ka jo net sinn datt e Betrib e Marché vun enger öffentlecher Institutioun zouerkannt kritt, wann en op där anerer Säit nach elementar Cotisatiounen net bezuelt huet.

An der Zäit si Marchéen ofgeschloss ginn, wou de Soumissionnaire en erstaunlech déiwe Präis offréiert hat, mam Resultat datt sech oft no kuerzer Zäit erausgestallt huet, datt d'Wuer entweder net an der Rei war oder d'Aarbecht mangelhaft ausgefouert gi war. Elo gëtt jo d'Méiglechkeet gebueden, spekulativ Offeren ze écartéieren. Och déi Neierung dréit jo ouni Zweifel zu méi enger oppener Konkurrenz bäi a schléisst Abüen zousätzlech aus.

Et ass ee sech natierlech och bewosst, datt et eng Rei vu Grenzfäll gëtt, wou ee keng oder nëmmen eng begrenzte Soumissioun maache kann. Dat gëllt natierlech un éischter Linn fir speziell Wueren, wou et eben nëmmen eng begrenzten Zuel vun Offeren oder esouguer vläicht och nëmmen eng eenzeg gëtt.

D'Aféierung vun der Soumission restreinte publique ass eiser Meenung no eng gutt Saach, déi dem Adjudicateur et erlaabt säi Marché mat enger beschtméiglecher Transparenz ofzeschléissen. Et handelt sech hei ëm eng vun deene fundamentalen Neierungen an dësem Gesetz. Méi Flexibilitéit gëtt et elo am Fall vun enger Soumission restreinte sans publication d'avis oder engem Marché négocié well net méi d'Regierung kollektiv déi Décisioun muss huelen, mä den eenzelne Ressortminister dat maache kann.

Dat alignéiert u sech och den Artikel 22 vum Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert d'Statskontabilitéit. Allerdéngs däerf een natierlech dann an dësem Kontext och net vergiessen, datt a méi kriddelege Fäll, ech denken zum Beispill dru wann e Marché eréischt accordéiert gëtt nodeems datt schonn en Objet realiséiert ginn ass an datt eben elo d'Responsabilitéit vun enger eenzelner Persoun dee Moment muss iwwerholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e weidert wesentlech Element vun dësem Gesetz ass jo d'Aféierung vu sozialen an ekologesche Kritären. Besonnesch op dësem Punkt ass vun enger Rei vu Säite Lobbyaarbecht gemaach ginn, wat ech allerdéngs guer net wëll als pejorativ duerstellen. Och an der Kommissioun hu mer iwwert déi Dispositiounen a Kritäre vill geschwat. Mir fannen et jiddefalls als Demokratesch Partei wichteg, datt ee sech Gedanke mécht ënner wat fir enger Form e Material hiergestallt ginn ass an och wou et genee hierkënnt. An eiser globaliséierter Welt gëtt et nämlech ëmmer méi onduerchsichteg fir de geneeë Produktiounswee vun enger Wuer ze détectéieren. Grad dowéinst ass et wichteg, datt ee sech Gedanke mécht a wéi engem Ëmfeld e Produkt, wat zum Beispill virun allem an der Drëtter Welt hiergestallt gouf, awer och duerno produzéiert ginn ass.

Als sozial engagéiert Gesellschaft kann et eis zum Beispill net egal sinn, wa mir e bëllegt Produkt hei consomméieren, wou mer wëssen datt Mannerjähreger hu missen ënner schlechte Konditiounen dat hierstellen. Datselwecht gëllt natierlech och hei fir den ekologesche Volet.

D'Leitmotiv vun der ganzer Politik ass eben d'Nohaltegkeet a grad an der Consommatioun vu Produiten an um Bau kann een u sech dee Geescht jo awer am beschten ënnersträichen. Reng geholl brauch een u sech dofir keng direkt gesetzlech Basis, well hei hänkt et jo un éischter Linn och emol vun der politescher Approche of, wat fir eng Produkter datt ee wëllt konsuméieren. Well wann eng Gemeng zum Beispill e Centre culturel baut, dann ass et hir jo awer nach ëmmer iwwerlooss dat no wäitméiglech ekologesche Methoden ze aménagéieren. Si kann d'Fotovoltaik aménagéieren. Si ka Sonnekollekteren op den Daach installéieren. Si kann Tropenholz refuséieren. Also et ass un éischter Linn awer och hei de politesche Wëllen deen erfuerdert ass, an et kann ee vläicht och vun dëser Plaz aus nach eng Kéier appeléieren un all déi Leit, déi Responsabilitéit an de Gemengen a beim Stat hunn, verstäerkt och méi déi Mentalitéit an Zukunft spillen ze loossen, well ee jo awer heiansdo spiert, datt d'Entscheedungsträger an der Politik nach ëmmer gewësse Problemer hunn, wann et ëm d'Notzung vun ekologesche Produkter geet.

Domadder bleift jiddefalls dës politesch Majoritéit hirer Linn trei an ënnersträicht d'Wichtegkeet vum Développement durable, well mer jo iwwert den Artikel 89 vun dem Reglement kloer festhalen, datt déi Kritären och an de Cahier des charges ageschriwwe kënne ginn.

Den Artikel 89, deen ech elo schonn hei ernimmt hunn, huet domadder eng ganz grouss Wichtegkeet kritt. Och wann dat eenzel Leit nach ëmmer net wëllen esou richteg agesinn, mengen ech awer, datt mer hei e ganz wichtege Schrëtt no vir gemaach hunn.

Ech wëll och drop hiweisen, datt d'europäesch Kommissioun domat d'accord ass fir eben och sozial an ekologesch Kritären ze respektéiere bei der Feststellung vun der Offre économiquement la plus avantageuse. Ech géif also mengen, datt dee Wee, dee mer hei gewielt hunn, richteg ass, och wann dat vläicht an der Praxis kann nach zu eenzelne Problemer féieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, opfalend ass awer, datt nach ëmmer de majoritären Deel vun de Marchés publics, an zwar ongeféier 60%, iwwer Marchés de gré à gré ofgewéckelt ginn. 1991, an hei beruffen ech mech op en Tableau, deen am Avis vun der Cour des Comptes publizéiert gi war, waren net manner wéi 64,78% vun alle Marchéen iwwert de Wee vu Marchés de gré à gré ofgewéckelt ginn. Bon, do kann een natierlech d'Fro an dësem Kontext stellen, ob net dee Prozentsaz kënnt an d'Zukunft erofgedréckt ginn.

D'Anhale vun den Devisen ass natierlech an der Praxis och net ëmmer méiglech. Souwuel hei an der Chamber wéi och um Gemengeniveau gëtt ee jo permanent mat Devisiwwerschreidunge konfrontéiert, well eben déi respektiv initial Devisen och net ëmmer de reelle Käschte Rechnung droen. Sécher ass et natierlech och net ëmmer esou einfach, fir fiabel Devisen opzestellen, besonnesch wann et sech ëm grouss Projeten handelt, déi méi komplex Dossieren duerstellen, an net méi spéit wéi gëschter krute mer jo erëm de Bewäis geliwwert, datt an enger relativ kuerzer Zäitspan hu missen eng Rei vun Devisen ugepasst ginn. D'Bureaux d'études, d'Architekten, awer och déi zoustänneg Servicer bei de Gemengen an dem Stat solle sech allerdéngs bewosst sinn, datt Devisen, déi net standhaft sinn, awer och dozou bäidroen, datt eben d'Ëmsetze vu gewësse Projete ka retardéiert ginn an datt gegebenefalls och politesch Problemer kënnen optauchen. Ech wëll drun erënneren, datt elo am Artikel 15 vun dësem Gesetz d'Notioun vum Devis établi en vue de la procédure d'adjudicatioun agefouert gëtt.

D'Demokratesch Partei ka sech och domat d'accord erklären, datt fir d'Fourniture vu Material fir d'Polizei Ausnahme virgesi sinn. Schliesslech däerf ee jo net vergiessen, datt et sech hei ëm ganz speziellt Material handelt. Et läit och op der Hand, datt mer et hei mat engem Beräich ze dinn hu wou d'Confidentialitéit ganz grouss geschriwwe muss ginn an d'Evénementer aus deene leschte Wochen hu jo awer bewisen, datt mir hei zu Lëtzebuerg och zum Deel mat engem neie Phenomeen vu Gewalt konfrontéiert sinn, an dann ass et evident datt eis Uerdnungskräfte mussen optimal équipéiert sinn an datt dann d'Astucë vun eben esou engem Material net kënnen op der Place publique nach bekannt gemaach ginn. Ech géif soen, dat misst awer jidderengem aliichten.

Datt elo eenzel Plaffongen erop gesat ginn, wou e Marché négocié ka gemaach ginn, dréit a ville Fäll natierlech och zu engem méi schnellen Oflaf vun den Aarbechte bäi. Besonnesch am Gemengesecteur wäerte se elo frou sinn, datt iwwert de Wee vun engem groussherzogleche Reglement de Plaffong, deen am Artikel 106 vum Gemengegesetz virgesinn ass, substanziell gehéicht gëtt an datt elo eng Gemeng, déi zum Beispill e Bauprojet realiséiert, dee méi wéi 300.000 aler Frang kascht huet, net onbedéngt nach wochelaang op d'Approbatioun vun der Délibératioun muss waarden. A wa mer elo scho bei de Gemenge sinn, erlaabt mer awer och vläicht kuerz nach op d'Roll vun den Distriktskommissären hinzeweisen, déi déi jo an där ganzer Prozedur spillen.

Ech wëll zwar elo net dem Débat hei virgräifen, dee mer an e puer Woche wäerte féieren iwwert d'Opdeelung vun de Kompetenzen tëschent dem Stat an de Gemengen. Awer och hei ass erëm e Beispill geliwwert. Dat soll elo net falsch verstane ginn. Mä datt awer de Rôle, deen den Distriktskommissär an deem ganzen Oflaf vun den administrativen Aarbechte spillt, soll iwwerduecht ginn an datt een och hei vläicht kann awer vill méi Zügegkeet erabréngen, mä, wéi gesot, dat wäerte mer an e puer Wochen hei nach méi am Detail klären. Mir si jiddefalls als Demokratesch Partei der Meenung, datt ee soll de Rôle vun den Distriktskommissären an deem Beräich do ganz kloer iwwerleeën.

Wa mer elo scho bei de Gemenge sinn, erlaabt mer awer och vläicht nach op den Artikel 18 hinzeweisen, deen et de Gemengen och erlaabt gegebenefalls op lokal Fournisseuren zréckzegräifen, an dat ass u sech keng direkt Neierung, mä et ass awer eng wichteg Dispositioun, déi een eng Kéier hei soll an Erënnerung bréngen, a wat elo wichteg ass, datt een ebe ka vun där Dispositioun Gebrauch maachen, wann de Marché net méi grouss ass wéi 12.500 Euro bei Index 100 vum 1. Januar 1948. Well et kann een op dëser Plaz net genuch ënnersträichen datt et wichteg ass, datt virun allem d'Gemengen ebe lokale Betriber e Maximum u Méiglechkeete gi fir Wueren ze liwweren, fir Aarbechten auszeféieren. Selbstverständlech muss sech dat awer och ëmmer am Rahme vun dësem Gesetz ofspillen.

De Livre III, op deen ech elo net weider wëll hei agoen, traitéiert d'Marchéen an de Secteure Waasserenergie, Transport an Telekommunikatioun, an dorënner fale jo awer elo eng Rei vun öffentlechen Entreprisen, wéi d'Cegedel, dann och d'Waassersyndikater, d'Gaswierker, d'Eisebunnen, d'Zich, de Flughafen, d'Post an de Mäerterter Hafen.

De Stat kritt jo munchmol de Reproche gemaach, e géing déi nei Informatiounstechnologien net konsequent genuch notzen. Et ass evident, datt op dësem Niveau effektiv nach eng Rei vun Ustrengunge musse gemaach ginn an d'Demokratesch Partei hofft jiddefalls, datt déi gutt Absichten, déi an dësem Gesetz festgehale sinn, fir iwwert de Wee vun der Informatik dëst Gesetz nach vill besser kënnen an der Praxis ëmzesetzen, datt hei awer och Suitë kommen. Dat erlaabt virun allem och den Entreprisen nach vill méi einfach déi ganz administrativ Aarbechten ze erleedegen. Am Kader vun e-Government mussen ouni Zweiwel déi néideg Ustrengungen ënnerholl ginn, fir datt mer op deem Niveau à la pointe du progrès sinn.

Ech muss allerdéngs mat Satisfactioun feststellen, an ech war gëschter Owend emol nach op den Internetsite vu Bâtiments publics kucken, datt mer awer do scho ganz grouss Efforte gemaach hunn an datt och haut schonn e Betrib kann iwwert de Wee vun der Internetsäit de Cahier des charges bestellen, wat jo u sech scho ganz positiv ass.

Datt d'Soumissiounskommissioun och elo nach méi professionell encadréiert gëtt, fënnt ouni Zweifel eis Zoustëmmung, well aus der Praxis weess ee jo, datt dës Kommissioun sech net kann iwwer Aarbecht bekloen. Niewent hirer Aufgab als Arbitter a veschiddene Sträitfäll huet se virun allem awer eng ganz wichteg Missioun ze erfëllen. Dat ass déi vun der Berodung, an ech ka mer virstellen datt se mam Akraafttriede vun dësem Gesetz wäert mat Sécherheet elo, besonnesch an enger Ufanksphas, nach méi ëm hire Rot gefrot ginn a virun allem kleng Gemengen, déi jo zum Deel guer net iwwer e Service technique verfügen, wäerte frou sinn, wa se op där doter Plaz déi néideg Informatioune kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass wéi gesot elo kloer datt mer hei natierlech e ganz komplext Gesetz stëmmen, wou et an der Praxis wäert natierlech am Ufank nach zu enger Rei vun Interpretatiounsschwieregkeete kommen. Dofir ass et och wichteg dass an deenen nächste Wochen déi eenzel Acteuren e Maxima iwwert déi nei Dispositiounen informéiert ginn. Ech denken natierlech hei un éischter Linn un d'Entreprisen. Ech denken awer och un d'Fonctionnairen a firwat net awer och d'Elus locauxen.

Et ass och dofir luewenswäert, a mir kruten dat jo an der Kommissioun confirméiert, datt de grousse Spezialist an der Matière, den Här Hilger, ënnerstëtzt vu senge Mataarbechter, och elo gewëllt ass an deenen nächste Wochen esou Séancen ze organiséieren. Vläicht wëllt ech op dëser Plaz dann och nach eng Kéier meng Propositioun erneieren. Déi geet zwar elo méi a Richtung vum Ministère de l'Intérieur, dee jo mat Sécherheet och elo wäert Circulaires ministérielles ausschaffen, datt een déi och soll vläicht direkt op hiren Internetsite setzen, datt eben och virun allem, an ech denken hei un d'Elus locauxen an un éischter Linn un d'Conseilleren, déi net ëmmer esou direkt Informatioune kréien, datt déi iwwert dee Wee dann awer och kënnen zousätzlech Informatioune kréien.

Jiddefalls, dëst Gesetz bitt elo eng gutt Méiglechkeet fir dann eben zousätzlech Informatioune vun offizieller Säit aus ze maachen. Och de SYVICOL hat jo schonn a sengen Avisen op d'Wichtegkeet higewisen, déi doranner besteet fir eben esou vill wéi méiglech elo och Informatiounsaarbecht ze leeschten. Ech zitéieren en: „Après la promulgation de la future loi, l'Etat devrait donner des instructions claires aux administrations communales afin de mettre celles-ci en mesure de distinguer les différents régimes."

Et kann een also ofschléissend festhalen, datt dëst Gesetz, och wann et wéi gesot laang gedauert huet bis et endlech ëmgesat gëtt, virun allem an de professionelle Milieuen allerdéngs gutt opgeholl gëtt. An et ass wichteg, datt grouss Deeler vun eiser Ekonomie dës Neierung matdroen. Am Virfeld, an dat soll och nach eng Kéier hei ënnerstrach ginn, war jo och e gudden Dialog mat den implizéierte Leit gefleegt ginn, wéi de Statsrot dat jo iwwregens och beluewegend ervirgestrach huet, ech zitéieren nach eng Kéier: „Le Conseil d'Etat approuve le fait que les auteurs n'aient, lors de l'élaboration des textes, pas travaillé en vase clos, mais en contact direct avec les deux chambres professionnelles concernées, avec des professionnels des métiers ainsi qu'avec le CRTI-B." Virun allem d'Zesummenaarbecht mat dem Centre de ressources des technologies de l'information pour le bâtiment soll op dëser Plaz och nach eng Kéier ënnerstrach ginn. Net zulescht well mer als Demokratesch Partei och der Meenung sinn, datt dëst Gesetz trotz wéi gesot engem klenge Schéinheetsfeeler eiser Ekonomie an den öffentlechen Instanze vun Notzen ass, bréngen ech selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Stat ginn all Joer eng 350 bis 400 Soumissiounen eraus. Doriwwer eraus och nach eng 100 Marchés négociés. Bei de Gemenge maachen dat ähnlech Zuelen aus, esou datt eng Ronn dausend Marchés publics all Joer ausgeschriwwe ginn. Den Här Rapporteur huet et scho virdru gesot, dat maachen eng 16% vum PIB aus. Wann een dat a Chifferen ausdréckt an net a Prozenter, dat geet et hei ëm eng global Zomm vun ongefëier 3,5 Milliarden Euro. Ech mengen et ass ee wichtege Chiffer.

D'öffentlech Hand, de Stat an d'Gemengen droen zu engen groussen Deel zur Ekonomie bäi, speziell a schlechte wirtschaftlechen Zäiten. D'Marchés-publics-Gesetz ass e wichtegt Gesetz, wann net dat wichtegst Gesetz, fir ganz Deeler vun onser Ekonomie, speziell aus Handwierk a Commerce. De Rapporteur, den Här Loes, an déi ganz Kommissioun hu vill an dëse Projet investéiert. Ech wëll dat unerkennen. Mä d'Regierung wollt net vun hirer Approche vum Gesetz ofwäichen. An d'Resultat vum Gesetz ass schlecht. Et ass e miserabelt, schlecht Gesetz.

D'Madame Bauteministerin, d'Regierung huet all Dialog bis elo refuséiert fir d'Gesetz fundamental anescht unzegoen, fir e modernt, kloert, einfacht Gesetz, fir en zukunftsorientéiert an dynamescht Gesetz iwwert d'Marchés publics, wéi mer se am Ausland kennen, hei an ons Gesetzgebung anzeféieren. Dräi Joer ass um Gesetz erëmgedoktert ginn. Mat deem Resultat datt mer haut ee Gesetz stëmmen, wat den 1. September dëst Joer a Kraaft trëtt. Or, am Juli dëst Joer stëmmt d'europäescht Parlament an zweeter Liesung eng wesentlech Ëmännerung vun deenen Direktiven, déi mer haut sollen an ons Gesetzgebung ëmsetzen. Mir wäerten dann am Joer 2004, ongefëier ee Joer méi spéit, déi ganz Gesetzgebung haut nach eng Kéier nei op de Leescht zéien. An allen anere Länner war dat gewosst an do ass gekuckt ginn, dass direkt bei der Gesetzgebung den zukünftegen Direktiven zu engem groussen Deel Rechnung gedroe ginn ass, fir datt déi Differenzen net sollten esou grouss ginn. Ech wëll nëmmen d'Beispill vu Frankräich zitéieren.

Politesch gesinn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass d'Gesetz fir den ADR inakzeptabel. De Fonds du Logement, dee fir zeg Milliounen Euro d'Joer mat Steiergelder Haiser baue geet, fält net ënnert d'Marchés-publics-Gesetz, sauf wann de Bau europäesch muss ausgeschriwwe ginn. De Fonds du Logement, deen dem CSV-Minister Boden ënnersteet, brauch sech kenger Soumissiouns-

prozedur ze ënnerwerfen, obwuel e Steiergelder verwalt. An et gëtt kee legitiimt, kee juristescht Argument dofir.

Datselwecht gëllt fir déi zahlreich A.s.b.l.en. Speziell déi déi vum Familljeministère ofhänken a wou de Stat an d'Gemenge se mat méi wéi 50% entweder subsidiéieren a wou se e Bau oder e Service mat 50% subsidiéieren, och déi sinn aus dem Gesetz erausgeholl ginn. Wat de Livre 1 ugeet, doduerch datt de Fonds du Logement an d'A.s.b.l.en...

***(Interruption)***

Dach, ech kann Iech herno den Text virliesen.

Doduerjer datt de Fonds du Logement an d'A.s.b.l.en, déi der Regierung ënnerstinn, sech net brauchen der Soumissiounsgesetzgebung ze ënnerwerfen, doduerjer datt hei en extra Livre 1 geschafe ginn ass, deen alles ass wéi transparent, deen d'Egalitéit vun de Soumissionnairen an de Participanten un de Soumissiounen net definéiert, deen an allen Hisiichten nëmmen eppes auswäicht, dat ass dat heiten: Entreprisë solle mat Steiergelder favoriséiert ginn; et ass offen Diere fir Parteiefinanzéierung a Korruptioun.

***(Brouhaha général)***

Esou huelen d'Bierger, d'Betriber et op, à tort ou à raison. A mäi Fraktiounskolleeg, den Här Mehlen, wäert herno nach mat engem ganz kloere Beispill kommen.

Dat ass de Virworf deen d'Bierger an och d'Betriber dobausse maachen. Mä d'Regierung wëllt mordicus datt d'Gesetz net op deem Punkt soll geännert ginn. Elo muss d'Regierung sech also Virwërf gefale loossen, an net nëmme vum ADR. Net nëmme vun de Sozialisten an de grénge Kolleegen, well ech huelen un datt der do nach e puer kommen. Mä och de 7. Abrëll protestéiert d'Handwierkerkammer vehement dergéint, datt de Fonds du Logement net ënnert d'Gesetz fält.

Ech wëll hei dat nëmme kuerz virliesen: „La Chambre des Métiers exige avec insistance que les établissements publics relevant de l'Etat soient soumis à la législation sur les marchés publics de travaux de fournitures et de services dans son entièreté. Sur les procédures de soumissions on fixe un cadre procédural stricte que certains des ces établissements peuvent trouver trop contraignant. Il ne peut être admis que ces mêmes établissements cherchent par tous les moyens leur seul et unique avantage propre sans se soucier d'un autre grand principe des marchés publics qu'est le traitement à un pied d'égalité de tous les concurrents si cher aux auteurs du projet de loi." An datselwecht gëllt fir „les ouvrages érigés par les investisseurs privés sous le couvert de la loi de garantie et ceux notamment dans le domaine de la santé et de la famille construits par des institutions privées, mais financées intégralement par les fonds publics".

Dat sinn d'Wierder hei, an dat begréissen ech, Här Rapporteur, datt Dir dat an Äre Rapport gesat hutt. Dat ass objektiv, mä dat ass och den Avis vun der Handwierkerkammer, dee ganz kloer ass, an de Conseil d'Etat huet a sengem Avis an déi selwecht Richtung geschwat. Ech mengen dat weist datt et inakzeptabel ass wat hei geschitt.

Des Weideren ass et inakzeptabel datt all öffentlech Ausschreiwungen, déi iwwert d'Garantiesgesetz ofgewéckelt ginn, weider net kënnen an net däerfe kontrolléiert ginn. D'Gesetz ass schlecht well et Lëtzebuerger Marchés publics opmécht fir d'Konkurrenz vun de Filialen, vun de grousse Multien an näischt mécht fir deene klengen a mëttleren, nationale Betriber wéinstens administrativ entgéint ze kommen.

Dëst ass eng Politik gewiescht fir de Kleng- a Mëttelbetriber entgéint ze kommen, wat an alle Länner an Europa geschitt ass. Mä net hei zu Lëtzebuerg mat dëser Regierung. Déi Affär ëm d'Ausschreiwung bezüglech de Musée Pei, sinn dat äusserlecht Zeeche vun dëser Politik. Mat dësem Gesetz gëtt de politesche Wëlle vun der Regierung, fir am Zeeche vun der Globaliséierung déi grouss auslännesch Betriber aus der Baubranche privilégiéiert ze behandelen, kloer ënnermauert. An dësem Kontext wëll ech och d'Handwierkerkammer an den Ordre des architectes et ingénieurs zitéieren, déi an enger gemeinsamer Resolutioun Folgendes festhalen: „Les tendances de la globalisation, respectivement de l'internationalisation du marché de la construction se sont avérés être, ni encourageantes pour la qualité, ni favorable pour le développement du secteur indigène."

Déi Kleng- a Mëttelbetriber hei am Land hu sech och erwaart datt dat neit Gesetz Méiglechkeete géing schafe fir d'Soumissiounen iwwert de Wee vun der Elektronik, iwwert de Wee vum Internet ofzewéckelen. Dat ass elo schonn zu engem gudden Deel am Ausland méiglech. Net zu Lëtzebuerg. Den Här Rapporteur schreift elo, et géing duerch d'Gesetz d'Méiglechkeet geschafe gi fir d'Soumissiounen iwwert d'Informatik, dat heescht iwwert d'Disquette ofzeginn. Mä ech wollt just drun erënneren, datt dat elo scho méiglech ass. Et steet an deem berühmte Règlement granducal. Da schreift den Här Rapporteur, datt d'Regierung d'Méiglechkeet géing schafen, iergendwann eng Kéier, fir d'Soumissiounen iwwert de Wee électronique, dat heescht den Internet ofwéckelen ze kënnen. Dat ass e schéine Wonsch, dee mir och mat deelen, mä et muss formell am Gesetz stoen. Soss ass nämlech all Soumissioun, déi iwwert dee Wee ofgewéckelt ginn ass, null und nichteg. Déi Soumissioun déi era kënnt, kann net zielen. Dat muss am Gesetz stoen. Da kënnt Dir schéin Internetsitë maachen, mä dat ass just nëmme fir ze kucken.

Well um europäeschen Niveau schonns vill Initiative lafen, wëll ech der Madame Bauteministerin eng Fro stellen. Dat ass déi ob de Ministère um Projet SIMAP vun der europäescher Kommissioun bedeelegt ass? Ass et och virgesi fir d'Soumissiounen iwwert Enchère électronique ze maachen, esou wéi dat am Ausland de Fall ass a wéi et an där zukünfteger Direktiv virgesinn ass? Sinn do scho Virbereedungen am Ministère geschitt?

De virleiende Projet huet vill Mängel. Ech wëll der kuerz nëmmen e puer opzielen. D'Commission des soumissions, si bleift ënnert den Uerdere vun deem jeeweilege Bauteminister, dofir noutgedronge parteiesch, parteiesch gesi fir de Bauteministère. D'europäesch Kommissioun huet den 11. Mäerz 1998 eng Kommunikatioun eraus ginn an där d'Regierungen opgefuerdert gi sinn dofir ze suergen, datt d'Onofhängegkeet vun den administrative Kontrollorganer vun den öffentleche Soumissioune misst garantéiert sinn. All Länner hunn dës Kommunikatioun eescht geholl. Lëtzebuerg, Madame Bauteministerin, wëll keng onofhängeg Commission des soumissions, et pour cause.

Dann d'Critères d'attribution, vun deem wat een nennt « l'offre économiquement la plus avantageuse ». Am Gesetz steet, an deem Projet dee mer virleien hunn, déi Kritäre misste spezifizéiert sinn. Dat geet net duer, Madame Minister. Well et ass en Arrêt SIAC vun der Cour européenne de justice vum 18. Oktober 2001, dee gesäit vir datt dës Kritäre mussen hierarchiséiert sinn. Wa se net hierarchiséiert sinn, ass d'Soumissioun null und nichtig. Hei gëtt also bewosst en Text geschafe fir weider kënnen deem Betrib d'Aarbecht ze ginn, deen d'Regierung wëll hunn, wéi mer dat beim Musée Pei gesinn.

An deem Kontext muss een och nach soen, datt d'Gesetz keng Protectioun virgesäit fir d'Soutraitanten. An ech hu virdrun den Här Strotz héieren, do ass mer nach méi Angscht ginn, well anscheinend och nach gesot gëtt, am Règlement grand-ducal dierft e Soutraitant nëmme bei engem Soumissionnaire matmaachen. Do wësse mer och datt mer schonn e puer Schwieregkeeten elo e bëssen an der Press gelies hunn. Da weess een och firwat dat soll duerchgezu ginn. Ech wonnere mech an hoffe just nëmmen, Madame Ministerin, datt Der net op dee Wee do wäert goen.

Da muss ee bedaueren, datt hei am Gesetz net d'Méiglechkeet geschafe ginn ass fir all déi Soutraitanten, déi wou ganz vill lëtzebuergesch Betriber dobäi sinn, datt déi déi selwecht Rechter kréie wéi de Soumissionnaire au prorata vun hire Bedeelegungen. Ech mengen dat si wichteg Ännerungen, wou een der Soutraitance kann entgéint kommen. Dat ass hei an dësem Gesetz verpasst ginn.

Da steet näischt do iwwert d'Concession de travaux publics et de services. Wann ee gesäit wat um Kierchbierg geschitt ass bei engem vun den zwee Tierm a wou laanscht d'Gesetz geschafft ginn ass, hei hätt ee kënne soen, et wier fir eng Concession de travaux gewiescht. Esou, wann dann näischt am Gesetz steet, da kann een och näischt falsch maachen. Dat anert wat ee muss bedaueren, dat ass datt och am Gesetz, wéi gesot, näischt iwwert d'Concession de services steet, an engem Ablack wou och d'Liberaliséierung vum öffentlechen Transport, vu Gas an Elektresch an der Diskussioun steet. An datt et wichteg gewiescht wier, datt esou Méiglechkeeten hei gesetzlech reglementéiert gi wieren.

Da muss ee bedaueren, datt am Gesetz näischt iwwert d'Soumission sur performance virgesinn ass. D'Informatioun vun de Soumissionnairë läit wäit ënnert den internationale Minimaen. D'Präisser an d'Awunner, d'Sanktiounen an d'Primë ginn net am Gesetz definéiert. E Règlement grand-ducal, dat heescht d'Regierung soll alles regelen. D'Cession de créances a Compensatioun tëschent Créancen op der enger Säit vun dem Soumissionnaire vis-à-vis vun engem Adjudicateur, dat heescht vun der Regierung, respektiv op der anerer Säit d'Fuerderung vun der Sécurité sociale oder der Steier vis-à-vis vun deem selwechte Betrib, déi Compensatioune sinn net geregelt am Gesetz, kënnen also net realiséiert ginn oder mat ganz vill Schwieregkeeten.

Dann hate mer geduecht datt et wichteg gewiescht wier fir een Décompte intermédiaire opzestellen, wann den Décompte définitif net kann opgestallt ginn. Mir bedaueren datt hei verschidden Dekonte Joren a Jorzéngten, heiansdo méi spéit eréischt hei landen. A verschiddener kommen iwwerhaapt net heihin. Woufir? Well iergend e Problem opgetaucht ass an datt den Dekont dann net ka gemaach ginn. Wat wichteg wier ass datt een no enger gewëssener Zäit wéinegstens een Décompte provisoire géing kréien, intermédiaire, datt d'Chamber ka gesi wat mat de Steiersue geschitt ass.

Da feelt bei den Annexë vum Gesetz eppes wat a leschter Zäit och wichteg ass a wat sollt dobäi kommen, dat ass de Vocabulaire commun vun de Marchés publics. Et wier eng gutt Geleeënheet gewiescht fir déi Saachen och nach mat als Annexe virzegesinn.

D'europäesch Kommissioun freet och d'Regierunge fir schwaarz Lëschten opzestellen iwwert déi Betriber déi an Europa wéinst Korruptioun, Sozialdumping oder ähnleche Vergehen condamnéiert goufen, fir déi aus de Marchés publics auszeschléissen. Déi nei Direktiv soll dat virgesinn. Wéi stellt d'Regierung sech do dozou? Ass se bereet do matzemaachen, well am Gesetz sti keng spezifesch Prohibitiounen a Verbueder an deem Sënn dran. Et ass relativ bedauerlech. Dofir wier ech awer frou wa wéinegstens do ënnert iergendenger Form awer eng europäesch Eenegung kënnt mat deenen anere Regierunge vun der lëtzebuergescher Regierung mat duerchgezu ginn.

Da bedaueren ech datt am Gesetz näischt dra steet iwwert den Dialogue compétitif bei komplizéierte Marchéë wéi an der Informatik. Eng Definitioun vun der Capacité économique et financière, vun der Capacité technique et/ou professionnelle, déi de Kleng- a Mëttelbetriber reell Chancë gi fir sech géint d'Multien ze behaapten, dat ass och net esou virgesinn, wéi et iwwerall am Ausland virgesinn ass, a wéi et och, menger Meenung no, absolut noutwendeg wier fir Abüen ze verhënneren.

Da muss een och soen datt d'Regierung awer heiansdo ganz séier ka reagéieren. Den Innenminister hat mat enger Ausschreiwung op eng Kéier eng Schwieregkeet kritt. Hien hat eng Soumissioun gemaach an en huet op eng Kéier misse feststellen, datt e Recours komm ass. Et ass ëm Computer-Hardware-Programmer gaangen an op eng Kéier hu mer dann dunn erausfonnt, datt en deen Deierste geholl hat. Dat huet en an der Question parlementaire, déi ech em gestallt hunn, dorobberhi wéi follegt begrënnt. Dat ass datt et zwar net conforme wier zu dem Marchés-publics-Gesetz, mä et wier awer conforme zum Kontabilitéitsgesetz. Et ass jo zimlech evident datt dunn herno Geriichter och dee Marché do annuléiert hunn.

Da muss een e puer Wierder soen zu der Form vum Gesetz. Et muss ee festhalen datt dëse Gesetzesprojet iwwert d'Marchés publics zwar ee Gesetz ass, mä a véier Deeler. An et kënnt ee bal soen datt een esou véier Deeler, véier Gesetzer, een niewent deen anere gesat huet. Een Deel fir déi national oder kleng Marchéë vum Stat, een Deel fir déi national oder kleng Marchéë vun de Gemengen, en drëtten Deel fir déi grouss Marchéë vu Stat a Gemengen, déi europäesch ausgeschriwwe musse ginn, an e véierten Deel fir déi grouss Marchéë bei Secteure vu Waasser, Energie, Transport an Telekommunikatioun, déi och europäesch mussen ausgeschriwwe ginn. Iwwerall ginn et verschidde Reglementatiounen, verschidde Prozedure fir déi national a fir déi europäesch Marchéen. Esou gëtt et eng Soumissioun restreinte sans publication d'avis fir den nationale Marché an eng Soumissioun restreinte avec présélection fir déi Marchés publics, déi europäesch mussen ausgeschriwwe ginn.

A fir alles ze erliichteren, Madame Ministerin, hutt der d'Seuilen, d'Schwellen eng Kéier an Euroen ausgedréckt, dat ass gutt, déi aner Kéier an Droits de tirages spéciaux a Relatioun zu den Euroen. Dat freet d'Handwierker immens vill, wann dat esou praktesch explizéiert gëtt. Déi national Marchéen, do ginn d'Seuilen an Euroe mat Valeur op den 1. Januar 1948 ausgedréckt. Dat ass och immens praktesch. Den Index misst do mat spillen. Dat erlaabt eng ganz praktesch Handhabung vun deem Gesetz.

D'Gesetz liest sech, Madame Ministerin, ewéi e Kreuzworträtsel mat plazeweis engem Lückentext. Den Handwierker, de Commerçant, den Techniker, den Ingenieur an déi Leit, déi dëst Gesetz uwenne mussen, rëselen de Kapp wa se et eng Kéier gelies hunn. Ech froen den Här Rapporteur oder d'Madame Ministerin de Kolleeginnen an de Kolleegen aus der Chamber, déi net an der Kommissioun waren, déi zwee Artikelen ze erklären, déi ech elo wëll virliesen.

Den Artikel 25 seet: "Les dispositions du présent livre s'appliquent aux marchés qui ont pour objet à la fois des services figurant à l'annexe 4a et des services figurant à l'annexe 4b, lorsque la valeur des services figurant à l'annexe 4a dépasse celle des services figurant à l'annexe 4b. Dans les autres cas, l'article 27 est applicable."

Da geet een da kucken, wat am Artikel 27 steet: "Les dispositions du présent livre ne s'appliquent pas aux services énumérés à l'annexe 4b. Pour les marchés égaux ou supérieurs aux seuils visés à l'article 23b, seules les règles communes dans le domaine technique et l'obligation de l'information de la passation d'un marché à déterminer par un cahier général des charges sont applicables."

Här Huss, ech si ganz frou, datt Der herno kënnt hei der Chamber erkläre komme wéi Der dat hei spontan gelies a verstanen hutt.

Et sinn awer net nëmmen zwee Artikelen esou. Dat ganzt Gesetz ass esou. An dofir versteet een och, datt déi aarm Membere vun der Kommissioun dräi Joer sech dermat hu missen erëmschloen, fir iwwerhaapt ze verstoe wat dra steet.

Ech war net Member vun der Kommissioun, mä ech hat direkt no de puer éischte Kéiere genuch an ech hu bedauert, datt mäi Fraktiounskolleeg, den Här Koepp, huet missen alleguerten déi Explikatioune vun dëser schwéierer Saach iwwert sech ergoe loossen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dat huet den Här Koepp alles verstanen, e kann eis et erklären.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Dat Bescht sinn d'Argumenter, déi d'Regierung gebraucht fir ze soen, datt si d'Gesetz hätt esou misse schreiwen. Et hätt esou misse sinn, well et an den Direktive steet. Dat ass awer net esou. Well wann ee kuckt wéi am Ausland déiselwecht Direktiven ëmgesat gi sinn, da gesäit een, datt do d'Texter kloer sinn. Einfach sinn. En Haaptgrond läit doranner, datt an deenen anere Länner anstatt véier Deeler, véier Deelgesetzer fir all Typ vu Marché sinn. Do läit d'Differenz. An allen europäesche Länner ass et esou gaangen, datt se fir d'éischt déi europäesch Direktiven an e kloeren Text ëmgesat hunn an dann déiselwecht Texter fir déi national Marchéen ëmgesat hunn.

An déi eenzeg Differenz déi besteet ass datt, wann e gewësse Seuil erreecht gëtt, deen Ableck international muss ausgeschriwwe ginn. Dat ass kloer. Dat ass liicht. Hei brauch elo all Betrib, all staatlech Verwaltung e Jurist fir ze kucke wéi se hei doduerch kommen.

Ech mengen et ass schlëmm, Madame Ministerin, datt Der lech den Text esou komplizéiert gemaach hutt. Et bleiwen nach vill Saachen ze soen. Ech bedaure just nëmmen, datt mer vläicht net all Problemer hei konnten diskutéieren, mä ech mengen datt d'Marchés-publics-Gesetz vun der Regierung sech duerch dräi Saache charakteriséiert: juristesche Formalismus, strikt Kontroll vun der Legalitéit, d'Globaliséierung à outrance en faveur vun de groussen europäesche Betriber, keng Egalitéit tëschent de Submitenten a wéineg Transparenz. Dat ass méiglech. Ob et geschitt oder net, hänkt vum Wëlle vun der Regierung an der Administratioun of.

Den ADR préconiséiert aner Charakteristiken. Einfach a kloer juristesch Texter, Harmoniséierung vun den nationalen an der europäescher Marchés-publics-Gesetzgebung. Effikassitéit vun der Commande publique duerch eng prezis Definitioun vun de Besoinen an einfach a rapid Prozeduren, Transparenz an Informatioun an Offre économiquement la plus avantageuse

am Respekt vum Développement durable, dem Aarbechtsrecht an den ethesche Prinzipien no hierarchiséierte Kritären.

Madame Bauteministerin, mir haten Iech eng loyal Kollaboratioun ugebuede fir mat Äre Servicer zesummen de Projet de loi esou ze verbesseren, wéi ech et elo hei ugedeit hunn, dëst awer ënnert der Konditioun datt der Iech bereet erklärt hätt fir déi politesch Komponent vun dësem Gesetz dohigehend ze änneren, datt de Fonds du Logement ënnert d'Marchés-publics-Gesetz gefall wier, esou wéi d'Handwierkskammer et gefrot hat, an ënnert der Konditioun fir eng onofhängeg Commission des soumissions ze schafen. Dir hutt dëst refuséiert, wat Äert gutt Recht ass, mä d'Resultat ass ee miserabelt Gesetz fir dat Der Iech schumme musst a wat den ADR esou net duerch d'Chamber goe loosse kann.

***(Protestations)***

Ech hoffen, Madame Ministerin, datt Dir d'Kéier a leschter Minutt kritt an datt Dir Iech hei erklärt fir verschidde wesentlech Ännerungen nach duerchzezéien. An deen Ablack, wann d'Gesetz nach eng Kéier géing op de Métier geholl ginn, kéint Der héchstwahrscheinlech op méi e groussen Accord komme wéi dat sech elo undeit. Madame Ministerin, ech wäert also nach eng Kéier op Är Wierder zréckkommen.

Ech soen Iech merci, mä fir den Ablack hunn ech e bësse Bedenke fir d'Gesetz, esou wéi et virläit, ze stëmmen.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de System vun de Marchés publics ass net nëmmen de Versuch fir d'Vergab vun öffentlechen Opträg op eng méiglechst demokratesch an transparent Aart a Weis ofzewéckelen an op déi Manéier dem Prinzip vun der Chancëgläichheet bei der Konkurrenz vun de Betriber Rechnung ze droen, oder de Versuch fir d'Ausgabe vum Stat fir déi Opträg ze finanzéieren ënner Kontroll ze halen, et ass och e Moyen fir de Stat Afloss op d'Qualitéit an op de Charakter vun de Fournituren an Aarbechten ze huelen, déi fir hie geleescht ginn, a Kritären ze développéieren, déi wegweisend kënne si fir de fräie Marché.

Dat ass ee Grond firwat mir eis als Gréng, wéi deen heite Projet déposéiert ginn ass, vun Ufank un engagéiert hu fir Afloss op déi Kritären ze huelen. Mir mengen nämlech, dass iwwert de Wee vun de Marchés publics de Stat seng politesch Volontéit kann ëmsetze fir enger Rei vu Prioritéite Rechnung ze droen, déi am 21. Jorhonnert an och ënnert dëser Regierung eigentlech allgemeng unerkannt sinn.

Dat ass eiser Meenung no virun allem d'Asetze vun ekologesch sënnvollen an ëmweltschounende Ressourcen, Materialer a Prozeduren, d'Förderung vun der Economie sociale an de fairen Handel mat der Drëtter Welt. Mir sinn do iwwregens op enger Linn mat där Koalitioun vun ONGen, déi sech schonn zënter enger Zäit fir den Développement vun esou Kritären agesat huet. Mir haten dofir virun zwee Joer Amendementer agereecht, an ech soen dat net nëmme fir eis selwer ze luewen, mä och well ech de Rapport op deem Niveau wéilt e bësse complétéieren. Dat geet nämlech doraus guer net ervir, dass mer am Ufank e Projet de loi haten, deen esou Considératiounen eigentlech guer keng Rechnung gedroen huet, an dass et op Initiativ vun deene Grénge war, dass sech iwwerhaapt mol mat der Fro befaasst ginn ass. Wéi gesot, mir hunn déi Amendementer agereecht, wou mir souwuel um Niveau vum Gesetz wéi och vun den Ausféierungsbestëmmunge konkret Propose gemaach hunn.

Ech komme fir d'éischt op den Niveau vum Gesetz ze schwätzen. Do hu mer laang iwwert den Term vun der Offre économiquement la plus avantageuse geschwat an hunn an engem Amendement proposéiert fir déi nei ze definéieren, well ee bei der Berechnung vum Präis net einfach de plakege Chiffer däerf kucken, mä well een de Konzept vun der Internaliséierung vun den externe Käschte muss applizéieren. Anescht ausgedréckt well et kuerzsiichteg wier wann een déi Coûten, déi duerch eng onekologesch oder onsozial Approche fir d'Gesellschaft entstinn, net géif mat arechnen.

Ee Beispill vun deem mer hei schonn öfters geschwat hu sinn d'Heizungen an den öffentleche Gebaier. Natierlech kann een, wann ee kuerzfristeg denkt, méi eng bëlleg Heizung abauen, wann een eng traditionell hëlt. Et bedenkt een awer dobäi net dass d'Käschte fir d'Gesellschaft entstinn duerch déi Ofgasen déi dann duerch de Kamäin erausginn.

Mir hunn eis bei eisen Amendementen och um Modell vun der Schwäiz inspiréiert. Ech hu mech do och bei der zoustänneger Verwaltung ëmgefrot an ech krut vun deene Leit gesot dass si net einfach géifen nom bëllegste Präis goen. Ech zitéieren: „Wir wollen nicht das billigste", hu se mer um Telefon gesot. Et wier éischter eng Ausnahm dass bei hinnen dat bëllegst Angebot den Zouschlag géif kréien. Bei hinne gëtt vun der Verwaltung eng sougenannten Nutzwertanalyse gemaach an do baséiere se sech op eng Punktentabell déi déi verschidde Kritäre bewäert, jee no där Prioritéit wéi se am Appel d'offre virkomm sinn. An an der Schwäiz hu se de Caractère écologique bei de Kritären iwwregens och schonn zënter 1994 agefouert.

Duefir, Dir Dammen an Dir Hären, hu mer och d'Iddi vun enger Wirtschaft wollten aschreiwen, déi sech um Prinzip vun der Nohaltegkeet orientéiert an déi den Notzen an de Schued vu Produiten oder Servicer net esou iwwerflächlech bewäert wéi dat bis elo de Fall war. An natierlech wollte mir direkt schonn um Niveau vum Gesetz déi Kritären opféieren, déi mer hei méi prezis mengen. Anerersäits wollte mer awer och um Niveau vum Règlement grand-ducal méi prezis ginn, wou déi méiglech Kritären opgezielt ginn, an do hu mer zum Beispill proposéiert dass een eng Lëscht vun deenen aktuellen, op EU-Niveau unerkannte Labele soll uginn oder dass den «ökologischer Leitfaden», deen et jo scho fir de Bausecteur gëtt, mä dee keng legal Valeur huet, sollt an de Règlement grand-ducal opgeholl ginn. A virun allem hu mer am Artikel 30 festgehalen, dass déi Kritären, déi am Règlement grand-ducal opgezielt ginn, obligatoresch misste respektéiert ginn.

Och do lounge mer also op enger Linn mat der Koalitioun vun den ONGen. Dat heescht mir wollten aus deem Choix fir ekologesch, transfair oder économie-sociales-Kritären anzeféieren méi ee contraignantë System maachen.

An dann d'Häerzsteck vun deem ganzen, den Artikel 89 vum Règlement grand-ducal. An dëser Opzielung vun de Kritären, déi bei engem Marché kënne spillen, wollte mer nei Kritären aféieren.

Éischtens dee vun der Ekologie, deen zum Beispill ka spille bei de Materialie fir d'Konstruktioun, zum Beispill awer och bei Fournituren. Liewensmëttel aus biologescher Landwirtschaft zum Beispill oder och am Beräich vun der Energie duerch ëmweltschounend Energiekonzepter.

Deen zweete Kritär, dee vun der Economie sociale, betrëfft Betriber, deenen hiert Zil d'Réintegratioun vun Aarbechtslosen op den Aarbechtsmaart ass. Dat kënne Laangzäitaarbechtsloser sinn, Handicapéierter déi an Ateliers protégés schaffen oder och Actions positives fir aarbechtslos Fraen.

An deen drëtte Kritär, dat ass dee vum fairen Handel gewiescht. Ee Beispill ass do Kaffee an aner Produiten aus der Drëtter Welt, wou déi Leit, déi um Ufank vun der Produktiounskette stinn, och ee faire Präis fir hiert Produkt kréien.

Wat d'Ecologie an de fairen Handel betrëfft, gëtt et op EU-Niveau och schonn eng ganz Rei vu Labelen, déi den Adjudicateuren an de Soumissionnairen d'Liewe méi einfach maache kënnen, an iwwregens hu mir och hei zu Lëtzebuerg zënter enger Zäit d'Méiglechkeet Eco-Labelen ze schafen. An deem Kontext wier et iwwregens interessant ze wëssen, ob déi Kommissioun, déi deemools am Ëmweltministère par Règlement grand-ducal geschafe ginn ass, sech mat esou Demandë scho befaasst huet. Ob se schonn aktiv ginn ass a Labelen unerkannt huet hei zu Lëtzebuerg.

Leider war den Ëmweltminister, an do deele mer och d'Kritik vun der Koalitioun vun den ONGen, bei der Ausaarbechtung vun dësem Projet net present a kann eis och haut keng Äntwert op déi Fro ginn. Déi Kritik betrëfft iwwregens net nëmmen hien, mä zum Beispill och deeselwechten Här als Coopératiounsminister, well och do vun där Säit ass keng Mataarbecht komm, an natierlech och den Aarbechtsminister.

Mir wollten och aschreiwen, dass net nëmmen technesch Alternative kéinte vum Adjudicateur ugefrot ginn, mä och ekologesch Alternativen. Donieft wollte mer am Gesetzestext méi däitlech maachen, dass sozial Rechter vun de Salariéen an d'Chancëgläichheet op der Aarbechtsplaz misste vun de Fournisseure respektéiert ginn, wat op engem Marché, wou ëmmer méi och outgesourct gëtt a wahrscheinlech an Zukunft och ëmmer méi Betriber net nëmmen aus Europa, mä vläicht vun nach méi wäit matmaachen, ëmmer méi wichteg gëtt.

Mir si mat eisen Amendementen am Ufank zu eiser freedeger Iwwerraschung bei der Majoritéit net op daf Ouere gestouss an d'Regierung war och d'accord dräi Saachen ze maachen.

Éischtens e Renvoi op d'Notioun vun der Nohaltegkeet an d'Gesetz ze maachen. Dat ass am Artikel 4 geschitt, wann och an enger éischter verwässerter Form.

Zweetens driwwer nozedenke fir de CRTI-Ben d'Missioun ze gi fir Cahiers spéciaux des charges auszeschaffen, déi Materialie géifen imposéieren déi conforme si mam « ökologischer Leitfaden ». Op déi Thematik kommen ech herno nach drop zréck. Ech wéilt just soen dass mer dovunner net ganz vill Konkretes méi gewuer gi sinn, ausser dass am Gesetz déi Méiglechkeet virgesi ginn ass fir an déi Richtung ze goen. Mä mir krute bis elo zum Beispill keen esou ee Cahier spécial des charges ze gesinn a mir kruten och keng Datumer genannt, wéini et déi géif ginn.

Drëttens eisen Amendement ze akzeptéiere fir am Règlement grand-ducal déi dräi nei Kritären anzeschreiwen. An d'Evolutioun vun dësem Punkt ass dat eigentlecht Trauerspill vun de Kommissiounsaarbechte während deene leschten zwee Joren. Nodeem fir d'éischt mol d'Membere vun der Kommissioun selwer hu missen iwwerzeegt gi vun eppes, wat dach haut eigentlech misst eng Evidenz sinn, huet de Statsrot deen Text, dee mer du festgehal haten, torpedéiert an d'Kommissioun an, wat méi relevant war, d'Regierung hunn awer während enger ganzer Zäit duerchgehalen an et hat een d'Gefill déi Saach wier eigentlech lo op engem gudde Wee, eppes wou ee sech an der Politik wahrscheinlech ni soll drop verloossen.

Am Hierscht huet d'Regierung nämlech dunn endlech déi nei Versioun vum Règlement grand-ducal un de Statsrot geschéckt a krut do den 10. Dezember een negativen Avis. De Statsrot huet do mat senger üblecher negativer Approche, par rapport zu allem wat mat voluntaristescher Ëmweltpolitik ze dinn huet, den Artikel 89 ausernee geholl, mä en huet awer eigentlech keng Opposition formelle gemaach. Doropshin ass d'Regierung awer ëmgefall an huet Enn Januar en neien Text agereecht, dee bei wäitem méi onprezis war. Dovun, Dir Dammen an Dir Hären, ass d'Kommissioun awer guer näischt gewuer ginn, sou dass et eréischt op meng Interventioun hin, dass den Text geännert wär, iwwerhaapt gemierkt ginn ass, dass do eppes geschitt war.

Och wann der Chamber hir Informatiounsrechter an Hinsicht Règlement grand-ducal leider begrenzt sinn, ware mer eis dach an der Kommissioun awer ëmmer eens gewiescht iwwert d'Wichtegkeet vun deem Reglement, a mir haten och vun Ufank un u senger Iwweraarbechtung matgeschafft. Dofir ass et eiser Meenung no wierklech e Skandal wéi dann op eemol kuerz viru Schluss och Schluss mat der Transparenz ass.

Inhaltlech gesi stellt deen neien Text zwee Problemer.

Éischtens ass et net méi kloer, ob de Kritär vum fairen Handel nach mat abegraff ass. Mir hunn elo dee Begréff Aspect social do stoen. D'Regierung huet sech mat hirer neier Textversioun ausdrécklech un der Interpretatioun vun der europäescher Kommissioun inspiréiert, déi do e laangen Text driwwer produzéiert huet. An där Interpretatioun, wann een déi duerchliest,…

***(Interruption)***

Jo dat kënne mer och haut scho maachen, da brauche mer guer keng Kritäre bäizeschreiwen. Dann hätte mer iwwerhaapt keng Efforte bräichten op deem Niveau ze maachen. Mir sinn awer op dee Wee gaangen, dass mer dat wollte méi explizit maachen. Lo hu mer awer en Term do stoe vun deem ee sech kann d'Fro stellen, wat en eigentlech bedeit.

Ech soen nach eng Kéier dass, wann een déi Interpretatioun vun der EU-Kommissioun noliest, do geet ganz vill Rieds iwwert d'Economie sociale, also iwwert d'Ateliers protégés an déi Betriber déi Aarbechtsloser beschäftegen. Mä de fairen Handel gëtt do mat kengem Wuert ernimmt an ech hunn déi Fro an der Kommissioun opgeworf. Ech krut do keng Äntwert. Wahrscheinlech well och keen eng Äntwert drop wosst, ob dat do mat bëinhaltet wär oder net.

Zweetens ass e Saz bäigesat ginn an dee Règlement grand-ducal, an deen Artikel 89 mat deem d'Regierung scho vorauseilende Gehorsam demonstréiert, well dee Saz aus enger Proposition de directive ofgeschriwwen ass, déi emol nach net en vigueur ass. Dee Saz heescht, an ech zitéieren: „Ces critères doivent être en relation directe avec le marché en cause."

Och hei ass d'Tragweite net kloer, mä et schéngt mer awer eng Evidenz, dass et eng enorm Aschränkung vun der Portée vum Artikel 89 ass. Aus Angscht vun iergendengem op d'Geriicht geholl ze ginn, well een net en relation directe ass mat senge Kritäre par rapport zu engem Marché, wäerte wuel eng Rei vun Adjudicateuren sech elo guer net méi trauen sozial oder ekologesch Kritären ze verlaangen. An domat, Dir Dammen an Dir Hären, hätte mer da genau de Contraire vun deem erreecht, wat mer am Fong maache wollten. Da kéint een effektiv soen, da wär et vläicht nach besser mir hätte guer näischt dra stoen.

D'Koalitioun vun den ONGen huet op déi méiglech Konsequenzen higewisen an och ënnerstrach, dass dee Saz an der Diskussioun, déi am Moment um Niveau vun der EU, vum Europaparlament, vun der Kommissioun a vum Conseil leeft, ganz staark contestéiert ass. Mä d'Kommissioun vum Parlament, d'Commission des Travaux publics, déi selwer net soe ka wéi eng Implikatiounen dat genau huet, war emol net bereet fir sech mat deene Leit ze treffen, déi dat doten opgeworf hunn. Mir hate keng eng Entrevue an deenen dräi Joer mat de Leit vun den ONGen.

Ech weisen drop hin, dass mer der awer mat den Architekten haten, mir haten der mam Fonds du Logement a mat diversen aneren Acteuren. Dat ass eppes wat ech hei schonn immens oft bedauert hunn, wéi selektiv dass d'Chamber virgeet, wann et drëms geet sech mat deene Betraffene vun dobaussen ze gesinn an ofzeschwätzen, déi ganz oft besser Bescheed wësse wéi mir selwer an op alle Fall eng aner Klack laude wéi dat wat mer vun de Regierungsvertrieder oft gesot kréien.

Här President, ech hunn elo d'Fro schonn e bëssen ugeschnidden, ob een dat eigentlech alles hätt misse maachen. D'Fro stellt sech, ob een net haut schonn als Adjudicateur esou Kritäre kann a sengem Cahier des charges opstellen, ob een dat iwwerhaapt hätt missen an deen Artikel 89 aschreiwen an ob een hätt misse méi explizit ginn.

Mir mengen awer, wa bis elo an der Praxis ganz seelen de Stat an d'Gemengen ekologesch oder sozial Kritären ugewannt hunn, dass dat da ganz vill domat ze dinn huet, dass et net am Gesetz steet. Dat heescht, dass wann een et explizit mécht, dass da vläicht verschiddene Leit emol eréischt d'Iddi kënnt, dass si esou Saache maache kënnen.

Op där anerer Säit kann ee sech d'Fro stellen, an d'ONGen hu se och opgeworf, ob d'Adjudicateuren hei net missten an d'Pflicht geholl ginn, doduerch dass amplaz vun enger Kann-Bestëmmung eng Muss-Bestëmmung géif ageschriwwe ginn, esou wéi dat laut Koalitioun a veschiddenen däitsche Bundeslänner an an Éisträich zum Beispill de Fall ass. Dat wär natierlech zu Lëtzebuerg quasi enger Revolutioun gläichkomm. Et mag och sinn dass een do bei der EU-Kommissioun op Granit gestouss wär, mä elo gëtt jiddefalls just eng minimal Incitatioun heimat gemaach, amplaz dass méi eng kloer Sprooch géif geschwat ginn. An dat och nach nëmmen, an dat ass e wichtege Punkt, fir déi kleng Marchéen aus dem Livre 1, déi vun enger méi klenger Envergure also. D'Fro däerf gestallt ginn, ob een net och bei deene méi grousse Marchéen hätt kënne méi wäit goen amplaz einfach d'Direktiv Wuert fir Wuert ofzeschreiwen.

D'Fro stellt sech, wéi ee Stellewäert déi berühmte Kritäre bei enger Vergab vun enger Soumissioun nach hunn. Fir där Saach méi Profil ze gi proposéiere mir, dass wéinstens dann elo d'Adjudicateure sensibiliséiert ginn, dass et déi nei Kritäre gëtt a wéi ee se an der Praxis kann asetzen. Mir hunn dozou eng Motioun preparéiert.

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que l'art. 4 de la nouvelle loi sur les marchés publics prévoit „que les adjudicateurs veillent à ce que, lors de la passation des marchés publics, il soit tenu compte des aspects et des problèmes liés à l'environnement et à la promotion du développement durable";*

*- considérant l'introduction par l'article 89 du projet de règlement grand-ducal portant exécution de la nouvelle loi sur les marchés publics des notions de valeur écologique et d'aspect social comme critères susceptibles d'être pris en considération dans le cadre des marchés publics;*

*- convaincu de la nécessité du respect de critères ayant trait à l'écologie, l'économie solidaire et du commerce équitable afin de garantir le caractère soutenable du développement économique;*

*- considérant le volume important de marchés conclus par soumission publique ou restreinte;*

*- soulignant le rôle précurseur qu'ont à jouer les pouvoirs publics en ce qui concerne le respect de critères écologiques, solidaires et du commerce équitable;*

*- considérant les engagements pris par le Luxembourg sur le plan européen et international en faveur d'une politique de développement durable;*

*- considérant l'engagement que prennent de plus en plus de communes, d'administrations et d'établissements publics dans le domaine de l'écologie, du développement durable et du commerce équitable;*

*- constatant la volonté des communes de contribuer activement à une politique de développement durable, notamment en participant au programme de l'alliance pour le climat;*

*invite le Gouvernement*

*- à lancer une vaste campagne d'information et de sensibilisation à l'adresse des communes, des administrations et des établissements publics concernant la définition de critères environnementaux et sociaux qu'ils sont autorisés à inclure dans le cahier de charges lors d'un appel d'offres pour une soumission publique ou restreinte;*

*- à faire élaborer des cahiers de charges-type comprenant des critères écologiques et sociaux pour les différents marchés et pour les différents corps de métier, pour promouvoir par une politique active et volontariste le respect de ces critères par les adjudicateurs publics.*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Här President, en anere Punkt ass dee vum ökologesche Leitfaden a vun de CRTI-Ben. Zënter enger Rei vu Jore gëtt et den ökologesche Leitfaden, dee vum Bauteministère zesumme mam Oeko-Fonds ausgeschafft ginn ass. Dee Leitfaden ass awer engersäits net méi um leschte Stand vun den Entwécklungen an anerersäits huet hien och keng Valeur juridique. Mir hunn doniewent awer d'Norme vum Centre de ressources des technologies de l'information pour le bâtiment, also vum CRTI-B.

An den Diskussioune vun der Kommissioun hat d'Regierung proposéiert, dass dee CRTI-B géif oder kéint chargéiert gi fir Cahiers des charges-type auszeschaffen, déi d'Materialie virschreiwe géifen, déi conforme mam Leitfaden wären. De Gesetzesprojet - ech hunn dat virdrun erwähnt - mécht et jo a sengem Artikel 20 méiglech, dass esou Cahiers spéciaux des charges-type kënnen ausgeschafft ginn.

Et war och ee Moment proposéiert ginn am Règlement grand-ducal op de Leitfaden ze verweisen an him domat eng reell gesetzlech Valeur ze ginn. Dovunner ass awer elo keng Rieds méi gewiescht a wann ee sech déi Clauses techniques, déi vum CRTI-B ausgeschafft ginn, esou ukuckt - dat kann ee maachen, wann een op den Internetsite geet -, da kann ee sech awer och d'Fro stellen iwwert d'Sensibilitéit vun deene Leit fir ekologesch Froen.

Ech ginn Iech ee Beispill. Ech hu versicht mer dat Heft erauszeprinten, wou et ëm hölze Konstruktioune gaangen ass an ëm de Schutz vum Holz. Do liest een dann esou Saache wéi dat, dass wann Holz am Intérieur gebraucht gëtt an traitéiert gëtt, dass een da soll mat Materialien usträichen, déi inodore wären. Ech weess net, ob dat den Haaptproblem wierklech ass. Et ass sécherlech e wichtege Punkt, mä ech géif dann dobäi och nach gäre liesen, dass et Materialie wären, déi net gesondheetsschiedlech wären oder aner Konsequenzen hätten.

Ech weess net wéi et an anere Clauses techniques ausgesäit, mä ech hunn awer wierklech meng Zweifel, ob do bis elo schonn en ekologesche Geescht herrscht. Och do hu mer eng Motioun preparéiert, wou mer, an dat wäert ech herno nach méi genau erklären, eng Rei vu Proposë maache wéi een do kéint virgoen.

***Motion 4***

*La Chambre des Députés,*

*- réitérant son souci de promouvoir le respect de critères écologiques dans le domaine des marchés publics;*

*- considérant les expériences positives faites suite à l'élaboration en 1999 du „Ökologischer Leitfaden für den Bau und die Renovierung von öffentlichen Gebäuden" par l'Administration des bâtiments publics en collaboration avec l'Oeko-Fonds;*

*- considérant l'évolution rapide en matière des technologies de l'environnement;*

*- considérant qu'en 2001 le Luxembourg s'est doté d'un règlement grand-ducal organisant l'attribution de labels écologiques;*

*- considérant que la proposition de directive européenne C 203 E/217 sur les marchés publics dans son article 5bis prévoit explicitement la possibilité pour les pouvoirs adjudicateurs de prescrire l'utilisation des éco-labels;*

*invite le Gouvernement*

*- à conférer une base légale au „Ökologischer Leitfaden für den Bau und die Renovierung von öffentlichen Gebäuden" ainsi qu'à le faire actualiser et compléter selon les évolutions les plus récentes des matériaux et technologies utilisés dans le domaine des bâtiments;*

*- à charger le „Centre de Ressources des Technologies de l'Information pour le Bâtiment" (CRTI-B) et le „Centre de Ressources des Technologies pour l'Environnement" (CRT-E) d'élaborer pour l'appel d'offres de marchés publics des cahiers de charges-type imposant des matériaux conformes au „Leitfaden";*

*- à charger le CRTI-B ainsi que le CRT-E de réviser les clauses techniques, déclarées par le Gouvernement d'obligation générale pour les maîtres d'ouvrages publics, et de les adapter aux critères écologiques;*

*- à faire élaborer des clauses techniques pour d'autres domaines que la construction et la rénovation de bâtiments publics;*

*- à lancer auprès des adjudicateurs et des corps de métiers une campagne d'information sur les éco-labels européens et nationaux.*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Ofgesinn dovunner, dass och dës Norme kee verbindleche Charakter hunn, och wann et esou ass dass d'Maîtres d'ouvrages publics am Fong gehale sinn se ze respektéieren. Ech weess net awéiwäit dat ëmmer kontrolléiert gëtt an ob et Sanktioune gëtt, wann een et net mécht.

Här President, no dësem zentralen Themekomplex wéilt ech dann nach e puer méi kleng Punkten - net onbedéngt onwichteger - zum Schluss erwähnen. Dat eent ass dee vum Fonds du Logement. Mir haten eng ganz laang Diskussioun ronderëm d'Etablissements publics, déi jo am Ufank alleguerten oder zu engem groussen Deel ausgeholl waren, dunn all dra komm sinn, an dunn ass déi Exceptioun fir de Fong gemaach ginn. D'Fro huet sech ebe gestallt, ob ee wierklech sollt an déi Richtung goen. D'Kommissioun war sech och guer net onbedéngt eens driwwer, dass een dat sollt maachen, a souguer Leit aus de Majoritéitsparteien haten do hir Bedenken.

D'Kommissioun ass an deem ganzen Hin an Hier awer iergendwann op déi interessant Fro komm, ob een dann net misst méi thematesch un déi Saach erugoen, wann een a Saache Wunnengsnout wëllt nei Incentivë setzen, am Kloertext, ob een net méi eng allgemeng Exceptioun hätt missen ausschwätze fir all déi Adjudicateuren, déi sech am Beräich vum soziale Wunnengsbau engagéieren. Dat wär vläicht zugläich e konkreten Ureiz fir all déi Gemengen, déi sech bis elo an dësem Gebitt vum soziale Wunnengsbau vornehm zréckgehalen hunn. Dann hätten déi vläicht och en Ureiz fir do emol méi aktiv ze ginn.

Och wa mer den inhaltleche Sënn vun der Exceptioun verstinn, déi elo hei gemaach ginn ass, froe mer eis awer, ob een dee Problem net hätt kënne méi elegant léisen duerch méi eng allgemeng Bestëmmung, wou dann och aner Acteuren hätte kënnen drënner falen. Et wier een da vläicht och deene Recoursen aus de Féiss gaangen, déi elo eventuell komme kënnen, well déi Exceptioun do fir de Fong gemaach ginn ass.

En zweete Punkt betrëfft d'Architekte mat deene mer e puermol diskutéiert hunn, déi eng ganz Rei vu positiven a konkrete Virschléi bruecht hunn, deenen hiert Engagement um Niveau vun den Emweltkritären ech zwar e bësse vermësst hunn, mä déi awer an anere Beräicher, wéi zum Beispill deem vun de Concoursen, Satisfactioun kritt hunn.

E wichtege Punkt fir d'OAI war och, wéi se bei eis komm sinn, d'Zesummesetzung vun der Commission des soumissions. Do muss ech soen dass ech bedaueren, dass d'Kommissioun dee Virschlag vun den Architekten an Ingenieuren net opgegraff huet, dass si och do géifen zwee Delegéiert erakréien.

Wann ech hei héieren, dass dat och eng Fro vun der Befaangenheet wär, da muss ech mer dann awer d'Fro stelle wéi et da mat deenen anere Leit ass, déi an där Commission des soumissions sinn, wann ee liest, dass vun deenen néng Memberen der véier wäerte vun der Chambre des Métiers a vun der Chambre de Commerce sinn. Sinn déi Leit net der Gefor ausgesat, dass se befaange sinn? Duerfir hätt ech et wierklech sënnvoll fonnt, wann een do de Krees méi breet opgemaach hätt. Souwisou ass et jo esou dass de Stat respektiv d'Regierung ëmmer nach d'Majoritéit do behalen hätt.

Ee leschte Punkt ass dee vun der Transparenz. Och hei hate mer eng ganz Rei vu prezisen Amendementer gemaach, well mer fonnt hunn, datt de Regierungstext extrem schwaach a réckstänneg op deem Gebitt ass. Mir haten eis do um schwäizer Modell inspiréiert a mir hunn zum Beispill proposéiert, datt déi Soumissionnairen, déi net zréckbehale goufen, op Demande méi prezis Informatioune géifen iwwert déi zréckbehalen Adjudicatioun kréien an, wat wierklech en Novum gewiescht wier, datt den Adjudicateur misst Statistike féieren iwwer seng Marchéen an déi dem zoustännege Service beim Stat weider ginn, fir datt se kënnen zentraliséiert an ausgewäert ginn.

Dat ass an deem heiten Text just fir ee bestëmmte Secteur vun de Marchéë virgesinn am Livre III vun der Energie a vum Waasser. Mir mengen et hätt een dat sollten ausweiden op dat ganzt Gesetz, well dat wier nämlech net nëmmen ee Moyen fir méi Kontroll iwwert dat, wat um Terrain geschitt, mä och eng wichteg Grondlag, fir der Adjudicatiounspolitik méi kloere Profil ze ginn.

Här President, mir schwätzen hei iwwer e Projet de loi deen, wann e gestëmmt ass, schonn al wäert sinn, well eng nei Direktiv ënnerwee ass an deem Gebitt, wou iwwregens och ganz vill nach weider iwwert déi ekologesch a sozial Aspekter am Moment diskutéiert gëtt, a mir stellen eis d'Fro, wéi d'Lëtzebuerger Regierung eigentlech bei där neier Direktiv, déi an Ausaarbechtung ass, matwierkt.

Et war elo eng Position commune vum Conseil de 27. Mäerz. Mir sinn an der Kommissioun doriwwer guer näischt gewuer ginn. Et hätt een awer interesséiert ze wëssen, wéi d'Lëtzebuerger Vertrieder dann an där Position commune do matgeschafft hunn, wéi eng Positioun datt Lëtzebuerg do geholl huet a wat dobäi eraus komm ass.

Et ass schonn hei gesot ginn, datt nach virum Summer déi Proposition de directive an zweeter Liesung duerch d'Europaparlament soll goen. Eise Grénge Vertrieder am Europaparlament wäert sech natierlech dofir asetzen, datt déi Kritäre vun deenen ech haut hei geschwat hunn och um Niveau vun där neier Direktiv méi staark berücksichtegt ginn. Ech défiéieren déi aner Parteien, déi jo och Vertrieder am Europaparlament hunn, datselwecht ze maachen. Ech stellen awer haaptsächlech bei der CSV d'Fro, wéi dat wäert goen, well et grad déi Konservativ am Europaparlament sinn, déi all Beméiungen, fir dem Nohaltegkeetsgedanke méi Plaz an där neier Direktiv ze verschafen, torpedéieren.

Här President, ech kéim zu menger Konklusioun. Dëse Gesetzesprojet ass sécherlech a verschiddenen Hinsichten eng Verbesserung zum Ist-Zustand, a sief et nëmmen, well en e bësse méi Struktur an de Beräich vun de Marchés publics erabréngt, obwuel ee sech no deenen Zitater, déi virdrun hei gefall sinn, och doriwwer kann e bësse Froe stellen.

Wat d'Aféierung vun neie Kritären am Beräich Ekologie, Economie solidaire a fairen Handel mat der Drëtter Welt betrëfft, ass et awer en hallefhäerzegen a wage Projet bliwwen. Trotz deem Konsens, deen op Initiative vun deene Grénge ee Moment zustane komm war. Fir méi konkret a méi couragéiert Formelen anzeschreiwen, wou mer an der Praxis kéinte sécher sinn, datt d'Soumissiounspolitik an domat d'Ausrichtung vun den öffentleche Bauten, d'Fournituren an Déngschtleeschtunge méi nohalteg géif ginn.

Déi Sécherheet, Dir Dammen an Dir Hären, hu mer elo net an et hänkt weiderhi vum gudde Wëlle vu villen Acteuren, de staatleche Servicer, de Gemengen, den Etablissements publics an net zu Lescht vun dëser an deenen nächste Regierungen of, ob déi Soumissiounspolitik méi ekologesch, méi solidaresch a méi fair gëtt. An deen Onsécherheetsfacteur, deen ass eis Grénge ze grouss.

Ech wéilt um Schluss - an dat begrënnt eis Enthalung vläicht dann och nach eng Kéier - en Zitat aus dem Editorial vum Lëtzebuerger Wort vun haut bréngen, wat menger Meenung no d'Saach ganz gutt op de Punkt bréngt: „Was aber fehlt ist ein wirklicher Qualitätssprung in der Art und Weise wie der Staat seine Aufträge vergibt. Hier kommt es eben nicht zu dem Paradigmenwechsel der den Einbau ethischer, sozialer und ökologischer Kriterien ins Ausschreibungsgesetz bedeutet hätte."

Madame Ministerin, Dir hutt eng zweet Chance bei där nächster Direktiv, déi mer jo da wäerte ganz geschwë mussen op de Métier huelen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marcel Sauber agedroen. Den Här Sauber huet d'Wuert.

M. Marcel Sauber *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing als éischt selbstverständlech gären de Rapporteur félicitéiere fir dee formidabele Rapport wou hien hei gemaach huet, souwuel dee schréftleche wéi och dee mëndlechen.

D'Gesetzgebung iwwert d'öffentlech Aarbechten, respektiv och d'Reglementer, déi si vu ganz grousser Wichtegkeet. Et ass haut de Moie schonn e puermol déi Ziffer vu 16% genannt gi vun dem Produit intérieur brut, wou iwwert d'öffentlech Aarbechten hei zu Lëtzebuerg vergi gëtt. Ech mengen déi Ziffer seet vläicht net jiddferengem eppes, mä déi muss een am Vergläich zu deene Länner ronderëm kucken. Wann do an Europa ee bis un 10% kënnt, da muss ee soen: Dat ass héich. Well et ass kaum ee Land wat 16% vu sengem Produit intérieur brut verschafft an den öffentlechen Aarbechten.

Dat weist awer och dann - ech mengen déi Konklusioun misst een och zéie wann een Ziffere bréngt -, datt eng grouss Dynamik am Ministère, respektiv och bei de Gemengen op deem dote Gebitt ass. Stat, Gemengen an d'Syndikater vun de Gemengen an d'Etablissements publics, déi sinn nun emol de gréissten Optraggeber hei am Land a mir wäerten net wäit iwwer 50% vun dem Chiffre d'affaires vun der Gesamtbaubranche leien. Ech mengen dat muss ee sech och an dësem Kontext virun Aen halen.

Implizéiert sinn also haaptsächlech den Optraggeber, den öffentlechen op där enger Säit an op där anerer Säit dann d'Bauwirtschaft, wou d'ganzt Bauhandwierk hannendrun hänkt, den Handel, d'Architekten, d'Ingenieuren - ech mengen och schonn e ganz grousse sozio-politesche, wirtschaftleche Kontext. Si wierke sech aus op d'Betriber, op d'Optragslag, op d'Beschäftegter, wou de sozial-politeschen Aspekt mat era kënnt, awer och op d'öffentlech Finanzen, well et mat muss iwwert de Budget finanzéiert ginn. Dofir also d'Noutwendegkeet, fir eng zolidd rechtlech Basis ze kréien, déi souwuel applicabel ass fir den Optraggeber, mä wou awer och de Soumissionnaire sech kann drun orientéieren an och d'Noutwendegkeet fir eng eenheetlech Basis ze kréien a wa méiglech - „si faire se peut en matière de droit" - eng einfach Basis.

Wat d'Affär méi komplizéiert mécht, dat ass d'Liberaliséierung vun dem öffentleche Soumissiounswiesen, europawäit, dat heescht datt d'Direktiven och hei am Land ganz staark interferéieren. Ech hat d'Geleeënheet déi lescht 30 Joer d'Gesetzgebung an d'Reglementéierung op dësem Gebitt relativ no ze verfollegen, an ech stelle fest datt se allgemeng gesi vläicht net onbedéngt méi einfach ginn ass. Bedéngt doduerch datt europäesch Direktive wesentlech hei an eisem Gesetz en Nidderschlag fannen; an do si mer och nach net fäerdeg.

Dofir vläicht den Appel vun dëser Plaz un déijéineg déi eist Land bei der Ausschaffung vun dësen Direktive vertrieden, éischtens vläicht ze kucken, datt mer e bësse méi Loft dra kréien, dat heescht datt mer méi lues trëppelen, datt mer mol vläicht eng Verwaltung opfuerdere méi lues ze schaffen. Well dat do

ass schwéier, fir souwuel d'Verwaltung wéi fir d'Betriber, fir all sechs Méint mat neien Dispositiounen en matière de machés publics konfrontéiert ze ginn. Ech hätt léiwer d'Préparatioun géing méi laang lafen an da kéimen der e puer beieneen an déi kéint een dann och an enger anerer Fassung no bausse bréngen.

Une voix.- Très bien.

M. Marcel Sauber *(CSV)*.- Zweetens, wann ee neien Text kënnt - a mir si jo elo amgaangen un neien Texter ze schaffen -, da misst ee vläicht awer och op deem Gebitt an déi Richtung goen, datt ähnlech Dispositioune vläicht harmoniséiert ginn. Ech mengen dat gesäit een haut an deem Text wou mer stëmmen tëschent dem Livre II an dem Livre III, do sinn eng ganz Partie Dispositiounen déi sech ähneln, déi awer net déiselwecht sinn. Vläicht kann een do mat engem gewëssene gudde Wëllen och dee Qualitéitssprong maachen, fir do textuell och eng gewëssen Harmoniséierung eran ze kréien.

Meng Propositioun op dësem Gebitt wier dann awer och europaméisseg ze kucken, datt mer e kodifizéierten Text kréichen. Dat géif nämlech mat sech bréngen, datt da souwisou déi Saachen, déi no beienee stinn, géinge rasssembléiert ginn an datt mer doduerch den Text och méi einfach a méi iwersichtlech kréichen.

Wat de Projet elo ubelaangt, dee mer hei virleien hunn, sou muss ech soen datt mer aus Lëtzebuerger Siicht hei eng Logik agebaut hu mat gewëssen Ënnerdeelungen a wou vermidde ginn ass Rediten ze maachen, wann een d'Direktiv elo einfach esou ofgeschriwwen hätt à la queue leu leu. Domadder ass den Text wesentlech méi iwersiichtlech ginn.

Also a mengen Aen ass, par rapport zu deene bestoenden Texter wou mer haut hunn, e grousse Fortschrëtt geschitt. An zwar éischtens mol hu mer en eenheetlechen Text applicabel fir d'Gemengen a fir de Stat a wou d'Direktiven alleguer mat dra sinn. Mir hunn en iwwersiichtlechen Text, dat ass och wichteg. Mir hunn en aktualiséierten Text, dat ass grad esou wichteg, a schlussendlech hu mer en Text deen eng Mass Simplificatioune matbruecht huet fir déi Kleng- a Mëttelbetriber. Dat solle mer hei och net versichen ewech ze rieden.

De Projet a senger jëtzeger Fassung, deen huet eng ganz Partie Amendementer kritt an huet relativ vill Zäit gebraucht. En huet vill Diskussiounen eropbeschwuer an huet och vläicht vill Pabeier gebraucht. Dat kann een elo als Kritik ugesinn, mä ech gesinn dat net esou, ech gesinn et éischter positiv, well déi Zäit net verluer wor andeems datt éischtens déi Direktiven, déi nach am Raum stongen, direkt konnte mat ëmgesat ginn, zweetens well et erméiglecht huet eng large Consultatioun ze maachen, wéi et och aus dem Rapport ervirgeet, datt déi sämtlech Betraffe konnten do mat schwätzen, an drëttens komme mer an dëser komplizéierter Matière awer op e global akzeptabelen Text eraus, woufir ech dann och déi alleguer, d'Ministesch un der Spëtzt, wëll félicitéieren.

Haaptsächlech am éischten Deel koumen déi national Aspekter zum Droen. Mir sollen déi Méiglechkeeten ausnotzen, déi d'Direktiven eis nach loossen, fir an eisem nationale Kontext och no eis selwer ze kucken.

Wat mécht dee Projet, dee mer hei virleien hunn? D'Plaffonge vun de Marchés de gré à gré si wesentlech eropgesat a preziséiert ginn. E groussen Avantage esouwuel fir d'Verwaltung, mä haaptsächlech awer och fir Kleng- a Mëttelbetriber. Datselwecht bei der Soumission restreinte, wou och d'Kritären anescht fixéiert gi sinn am Sënn vun enger méi grousser Souplesse. Datselwecht fir de Soumissionnaire local, deen d'Preferenz behält. Ech mengen, dat si wesentlech Aspekter just grad fir déi Kleng- a Mëttelbetriber.

Zegutt kënnt och der Wirtschaft, datt de Projet de loi d'Informatik virgesäit an och aféiert, quitte datt op dësem Gebitt vläicht nach eng Kéier muss nogeschoss ginn iwwer e Reglement oder wat weess ech, fir et méi perfectibel ze maachen, mä d'Ouverture ass gemaach an d'Experienz kann op deem dote Gebitt ulafen. D'Informatik bréngt wesentlech Verwaltungsvereinfachung eran, erëm nees fir d'Betriber.

Als ee vun de ganz grousse Fortschrëtter vun dësem Projet gesinn ech d'Aféierung vu Clauses techniques an déi Cahiers spéciaux des charges un. Dat sinn iwwer 30 Stéck vun deene Cahieren, déi ausgeschafft gi si vun dem CRTI-B. Déi bréngen op jidde Fall eng Mass Avantagë mat fir d'Betriber, well se wëssen ëm wat et geet, well se ëmmer mat deene selwechte Klausele konfrontéiert gi sinn a well se net brauche kéipweis Dokumenter ze liese fir d'Nuancen erauszefanne vun engem Marché op deen aneren. Ech mengen, dat geet ganz kloer draus ervir an ass eng wesentlech Vereinfachung. A wann ee schwätzt vu Rationalisierung vun der Verwaltungsaarbecht am Kader vun de Kleng- a Mëttelbetriber, dann hu mer hei erëm nees ee ganz gutt Beispill wat an déi do Richtung geet.

Félicitatioune fir déijéineg, déi d'Initiativ do haten, déi et awer och ëmgesat hunn, a fir déi Mataarbechter, déi do matgeschafft hunn.

Ech hunn iwwregens gelies an enger Informatioun gëschter vun der Handwierkskammer, datt déi Cahiers spéciaux des charges och elo um Internet kënnen ofgezu ginn.

Déi obligatoresch Uwennung vun deenen technesche Bestëmmungen, déi jo duerch Reglementer elo a Kraaft gesat ginn, iwwert de Fonds du Logement, schéngt mer eng vun de Mindestufuerderungen ze sinn, déi een un dee Fong ka stellen.

D'Etablissements publics fale generell ënnert dat neit Gesetz. Dat ass och gutt esou. Eng Ausnahm mécht de Fonds du Logement. Ob dëst gerechtfertegt ass oder net, doriwwer kënne sech d'Geeschter scheeden. Bon, d'Geeschter hu sech och gescheet an der Kommissioun, wéi een dat kann erausliesen aus dem Rapport, mä kloer ass datt déi Bestëmmunge fir déi gréisser Aarbechten, also iwwert de Plaffong vun 200 Millioune Frang, souwisou applicabel si fir de Fong. D'Directive des listes, ech mengen dat muss ee sech virun Ae behalen, léisst d'Méiglechkeet op fir national spezifesch Bestëmmungen an d'Nationalgesetzgebung anzebauen, esouwäit et sech ëm Aarbechten handelt, déi ënnert dem Plaffong sinn. An dat ass hei geschitt.

D'Fro also, ob et méiglech ass datt de Fonds du Logement aus dem Livre 1 kann ausgeschloss ginn, schéngt domat positiv beäntwert. Déi Fro, ob et glécklech ass fir dat ze maachen, wëll ech mol mat engem Fragezeichen hei am Raum stoe loossen.

De Livre 1 plus d'Reglement, do sinn eng Partie wesentlech Neierungen erakomm fir d'Wirtschaft dobaussen, Erliichterungen déi mer hei och solle kucken. Trotz der Iwwerleeung, datt vläicht ee beim Fong kéint anerer Meenung sinn, emfannen ech den Text, souwéi en hei virläit, als e grousse Fortschrëtt, well en net nëmmen eleng eng Harmonisierung bréngt, eng méi kloer Iwwersiicht, mä well e just grad der Wirtschaft an haaptsächlech och de Kleng- a Mëttelbetriber Rechnung dréit. Dat ass an dësem Kontext wichteg, fir just grad déi Aarbecht hei am Land ze behalen.

Ech ka mech dann och nëmmen driwwer wonneren, wann ee versicht de mëttelstännege Betriber hei wäis ze maachen, et wär e schlecht Gesetz fir si. Ech ka soen, ech war gëschter owend an enger Versammlung vun den Entrepreneuren, do ass och iwwert deen Text hei geschwat ginn. Do ass kee Mësstoun komm, au contraire, de President vun den Entrepreneuren huet ganz kloer no baussen d'Avantagen opgezielt, déi do dra sinn. Also bei der Wirtschaft ass den Text richteg gelies ginn, wat vläicht bei anere Leit net esou richteg gelies ginn ass oder anescht verstane ginn ass.

***(Interruptions diverses)***

Vläicht hutt Dir mat engem aneren Entrepreneur geschwat, mä ech war beim Comité vun den Entrepreneuren, déi wëssen ëm wat et geet.

Doriwwer eraus ass d'Liesweis vun dem ADR-Spriecher, menger Meenung no, stelleweis falsch gewiescht. Déi Propositiounen, déi e bruecht huet, mat allem Respekt fir d'Propositiounen, bréngen nach weider Komplikatiounen eran, méi Komplexitéit an nach méi Texter. D'Direktiven, déi droen an dësem Text wesentlech dozou bäi datt den Text relativ komplizéiert bleift, mä dat ass awer net méi d'Responsabilitéit um Lëtzebuerger Plang. Global emfannen ech den Text, wéi en hei virläit, als Fortschrëtt an allgemeng gutt.

Ech soe merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Georges Wohlfart agedroen. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

M. Georges Wohlfart *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Gesetzesprojet iwwert d'Marchés publics huet déi zoustänneg Chamberkommissioun während dräi Joer an enger ganzer Zuel vu Sëtzungen, wann ech gutt matgerechent hu waren et der 24, beschäftegt, dovun zwou zesumme mat der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire. Dat mannst wat e ka soen ass, an do si mer ons mengen ech all eens, de Rapporteur wéi och meng Virriedner, dass mer et mat enger zum Deel déifgräifender Reform vun der aktueller Législatioun ze dinn haten, an och d'Upassung un déi europäesch Virgaben hunn d'Aufgab sécherlech net erliichtert. Et kéint een och mengen, dass all Member vun der Kommissioun mer wäert zoustëmmen, dass d'Matière, mat där mer et hei ze dinn hunn, eng ganz komplex ass, mannigfalteg technesch mä och juristesch. Dofir mäin éierleche Merci un de Rapporteur, de Kolleeg Nico Loes, fir säin detailléierte schrëftleche Rapport, deen en haut de Moie mat senge mëndlechen Ausféierunge complétéiert huet. Mäi Merci gëllt och alle Leit, déi un deem Projet matgeschafft hunn.

Doduerch dass och de Rapporteur wéi och mäi Frënd Jos Scheuer an aner Virriedner sech am Detail op d'Analys vun deenen eenzelnen Artikele konzentréiert hunn, se kommentéiert hunn, zum Deel kritiséiert hunn, ass et iwwerflëssig fir mech dëse Gesetzestext nach eng Kéier am Detail hei duerchzegoen.

Ech wollt awer zwou Remarken driwwer maachen, wat a mengen Ae positiv Elementer sinn. Dat eent ass, dass mer et hei mat enger prozeduraler Vereinfachung ze dinn hunn, déi sécherlech de Gemenge wéi och de Ministèren an all aneren öffentlechen Soumissionnairen et wäert erliichteren, doduerjer dass hir Aufgab méi schnell kann zu Décisioune féieren. Dat englescht Spréchwuert „Time is money" ass hei richteg, well mir hu jo bei ville Geleeënheeten, wou mir iwwer Gesetzesprojete wat Bauten ugeet diskutéiert hunn, eis ëmmer erëm doriwwer beklot, dass mer beim Plangen oder och bei der Exekutioun vu ville Saachen ze vill laang Zäit bräichten. Ech mengen hei ass en Element dran, wat et erlaabt wéinstens en Deel vun där Zäit erëm gutt ze maachen.

E Wuert och iwwert déi verstäerkte Roll vun der Soumissiounskommissioun. Ech sinn net der Meenung, dass dës Soumissiounskommissioun e Kontrollorgan ass, well wann ech et richteg gelies hunn, de Gesetzestext huet just en Avis consultatif. Et ass also kee Kontrollorgan wéi verschidde Leit, zumindest ee Spriecher hei gemengt huet.

***(Interruption)***

Mä ech sinn awer der Meenung, Här Henckes, dass, doduerch dass se paritär zesummegesat ass, anerwäerts sech als ganz nëtzlech erweist, esouwuel fir d'Soumissionnairë wéi och fir déi Entreprisen, déi do matmaachen.

***(Interruption)***

Där Meenung sinn ech, wann et richteg fonctionnéiert. Mir gi jo dovun aus, dass d'Saache solle richteg fonctionnéieren. Loosse mer de Leit um Terrain eng Chance ginn, fir dat an der Praxis ze beweisen.

De Frënd Jos Scheuer huet op déi positiv Aspekter higewisen, déi d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun fannen, mä en huet awer och eng Rei vun Ursaachen uginn déi mat sech bréngen, dass mer dësem Text net kënnen zoustëmmen an ons wäerte beim Vote enthalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt mech op zwee Sujetë kuerz konzentréieren.

Éischtens den Avis vun der Cour des Comptes vum 25. Oktober 2000. Ech perséinlech sinn der Meenung, dass hei net nëmme quantitativ, dat heescht 56 Säiten, eng gutt Aarbecht geleescht ginn ass, mä och qualitativ. Datselwecht gëllt iwwregens och fir den éischten Avis vum Conseil d'Etat, deen et mat sech bruecht huet, dass mer duerch déi Propositioune vum Conseil d'Etat méi eng liicht Aart a Weis hate fir dëse Projet ze liesen an doduerch och d'Aarbecht an der Kommissioun konnte vereinfachen.

Zréckzekommen op den Avis duerno vun der Cour des Comptes, deen, nach eng Kéier, a mengen Ae ganz wichteg Impulser an Iwwerleeunge mat an ons Diskussiounen erabruecht huet, wouzou eng ganz Rei vun Iwwerleeungen zu Amendementer gefouert hunn, déi dëse Gesetzestext sécherlech verbesseren.

Op der Säit 10 vun hirem Avis weist d'Cour des Comptes op d'Wichtegkeet vum ekonomeschen Impakt vun den öffentleche Commanden hin. D'Wichtegkeet, déi, wann een d'Zuele kuckt, vu Joer zu Joer zouhëlt. Esou belafe sech déi staatlech Investitioune fir d'Budgetsjoer 2001 op 605 Milliounen Euro, oder wann Der wëllt, Här President, 11% vum Total vun de Statsausgaben, wat ëmmerhin 3% vum Produit intérieur brut entsprécht. Dës Zuelen ënnersträichen zur Genüge d'Roll op déi allgemeng wirtschaftlech Aktivitéit hei am Land, virun allem fir d'Mëttel- a Klengbetriber, vun der öffentlecher Hand. Dofir ass et och laut Cour des Comptes vu gréisster Bedeitung, folgend Objektiver bei de Stats- a Gemengenausschreiwungen unzepeilen.

De Prinzip vun der Gläichberechtegung vun de Firmen an Entreprisen, déi sech den Ausschreiwunge stellen a stelle wëllen, wouraus sech noutgedrongen de Prinzip vun enger fairer Konkurrenz misst erginn, wat dann och, géif ech mengen, zu alle Säiten, Steierzueler, Ausschreiwer, Soumissionnairen an och der Chamber heibannen zur gewënschter optimaler Transparenz misst féieren.

Dëst alles am Geescht a mat der Suerg vun enger gudder Gestioun vun den öffentleche Finanzen, wat sécherlech dem President vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgetaire, mengem Frënd Jeannot Krecké, wäert vill Freed maachen.

Do derniewent weist d'Cour des Comptes drop hin, dass bis elo d'Ausnahmen, dat heescht de Marché de gré à gré an d'Soumission restreinte zur allgemenger Regel, dat heescht, d'öffentlech Ausschreiwung iwwerweien. Wann ee kuckt, an deene leschte Jore war et esou dass déi zwou Prozedure ronn 63% am Duerchschnëtt vun den öffentlechen Ausschreiwungen duerstellen, also nëmmen 37% der allgemenger Regel vun der Soumissioun, der öffentlecher Ausschreiwung ënnerleien.

Am Prinzip ass d'Cour des Comptes net géint dës Prozeduren, déi och elo an enger ofgewannter Form méiglech sinn, mä si ass genau wéi d'Kommissioun vum Contrôle budgetaire der Meenung, dass dofir misst gesuergt ginn, dass d'Chancëgläichheet, fir un offiziell Commanden ze kommen, misst an d'Luucht goen an dass en excessiivt Zréckgräifen op dës Method sollt verhënnert ginn. Dat huet sécherlech domat ze dinn, dass d'Cour des Comptes zum Beispill an hirem Rapport iwwert den Exercice 2001, wat de Ministère vun den öffentleche Bauten ugeet, feststellt, Här President, ech zitéieren: „Le contrôleur financier du Ministère des travaux publics a émis nombre de refus de visa à l'égard de propositions d'engagement, voire d'ordonnancement au vu du non-respect des seuils applicables en matière de marchés de gré à gré ainsi qu'au vu des tentatives de splitting des marchés publics pour rester en dessous desdits seuils." Esouwäit hei aus dem Avis vun der Cour des Comptes.

Ech hunn och gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass d'Cour des Comptes, genau wéi de Statsrot, an dësem Dossier sécherlech eng gutt Aarbecht geleescht huet. An ech mengen, d'Cour des Comptes huet an onsen Aen de Bewäis erbruecht, dass se duerchaus deenen Aufgaben, déi se duerch d'Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwerdroe kritt huet, voll a ganz gewuess ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen och net derlaanscht nach e Wuert ze soe wat d'Etablissements publics ugeet, wou de Fonds du Logement an onsen Ae misst ënnert d'Bestëmmunge vum Livre I falen.

Mir stinn do mat onser Meenung net eleng, well esouwuel den Ordre des architectes et ingénieurs wéi de Statsrot, d'Chambre des Métiers an och d'Cour des Comptes dëst anescht gesi wéi d'Regierung an d'Majoritéit an der Kommissioun, an ech wollt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ganz kuerz dozou just de Conseil d'Etat zitéieren a sengem Avis, deen da seet: „La façon de procéder par amendement aura comme résultat de traiter de façon différente des établissements publics qui s'adressent régulièrement au marché de la construction, et ce avec des deniers publics. Le principe de l'égalité du traitement d'établissement se trouvant dans des situations analogues n'est ainsi plus respecté…" - a méi weider - „En exemptant le Fonds en question du champ d'application des dispositions générales de la loi en ce qui concerne les appels à la concurrence, on soustrait une part importante du marché de la construction de logement aux règles générales applicables aux marchés publics et de ce fait également à la transparence souhaitable, voire indispensable, en matière de finances publiques et de concurrence."

Ech mengen déi Argumenter, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi mer bei der Réunioun mat de Verantwortleche vum Fong haten an der Kommissioun, konnten ons net iwwerzeege fir op de Wee

vun der Exceptioun matzegoen. Mir hunn doropshin awer wollten enger Rei vun Iwwerleeunge vum Fong Rechnung droen, andeem mer an der Kommissioun als Fraktioun virgeschloen hunn d'Aktivitéite vum Fong an zwou Strukturen opzedeelen.

Déi éischt Struktur hätt sech hei, an onsen Aen, kënnen exklusiv mat dem Bau vu soziale Mietwunnenge beschäftegen an dës Aktivitéit wier dann och voll a ganz ënnert déi nei Gesetzgebung gefall. Eng zweet Struktur hätt sech op de Bau a Verkaf vu Wunnengen zu de Maartkonditioune kënne konzentréieren a wier net ënnert d'Réglementatioun gefall, vun där mer hei schwätzen, genau esou selbstverständlech wéi déi privat Entreprisen och net.

Mir sinn der Iwwerzeegung, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dass dat eng machbar Approche gewiescht wier, well nämlech, wa gläich Prinzipie solle fir jiddferee gëllen, an ech erënneren nach eng Kéier drun, an dat kann een och am Exposé des motifs noliesen, wa solle Chancëgläichheet bei de Soumissiounen, fair Konkurrenz, Transparenz, déi grouss Prinzipie vun der Gesetzesgebung sinn, dann hätt dat och sech missten, onser Meenung no, op de Fonds du Logement a seng Aktivitéite répercutéieren.

Nach e lescht Wuert, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, zur Motioun vum Kolleeg Jos Scheuer, déi en abruecht huet. Ech mengen, wa mer hei schwätze vu fairem Handel, a mir gesinn dass mer d'Lëtzebuerger Entwécklungspolitik an de leschte Jore mam Konsensus vun alle Fraktiounen an dësem Haus net nëmme quantitativ, mä qualitativ och verbessert hunn, dass mer haut am Spëtzepeloton si vun deene Länner déi finanziell am meeschten an d'Entwécklungshëllef stiechen, hätt et ons och gutt zu Gesiicht gestanen, hei an deem Sënn e positiven Akzent ze setzen.

Dann dat Lescht wat ech zu dëser Motioun wëll soen, och den Ëmweltschutz hu mer jo praktesch alleguer op onse Fändel gehieft a gi mam Ëmweltschutz an de Prinzipie jo ëmmer ganz monter ëm a mir schwätzen ëmmer vum Développement durable. Dat sinn Elementer, déi onser Meenung no onbedéngt mussen an Zukunft och berücksichtegt ginn, dass mer glaubwürdeg bleiwen an deenen zwee Gebitter.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi schonn aner Kolleege viru mir ugedeit hunn, huet d'Lëtzebuerger Wort haut e ganz remarkabele Leitartikel zur Thematik vun haut de Moien, an ech fänken och direkt mat engem Zitat un. Dat geet ëm d'Ausschreiwungsprozedur an do schreift de Leitartikler: „Das Dossier Pei-Museum hat in diesem Zusammenhang wirklich Modellcharakter. Das Hickhack um die goldgelben Steine aus der Bourgogne zeigt welche abstrusen Folgen ein durch und durch bürokratisiertes System haben kann, wenn im Endeffekt Gerichter die Probe aufs Exempel machen." An da kënnt eng wichteg Fro: „Inwiefern ein solches Steinedilemma mit dem neuen Ausschreibungsgesetz, das heute im Parlament votiert wird, hätte verhindert werden können, das sei einmal dahin gestellt."

Dat ass a mengen Aen eng ganz pertinent Fro, well wann ee sech mam Dossier befaasst - an ech soen Iech, ech hu mech domat befaasst, ech hu mech duerch e Bierg vun Dokumentatioun an Echange de courrier derduerch gelies -, da stinn engem d'Hoer zu Bierg. Da muss ee sech froen, wéi an engem Land, wou mer bis elo awer en Ausschreiwungsgesetz haten, wou mer Prozeduren hunn, esou eppes méiglech ass, an dofir hunn ech och meng Bedenken, datt wann net aner Saache sech hei am Land änneren, datt et soll mat deem neie Gesetz hei vill besser ginn.

D'Lastenheft an dëser Affär, an ech wëll dat als Beispill huelen, ass eng eenzeg Katastroph gewiescht, well een däitlech gesinn huet datt e bestëmmten Objet sollt geholl ginn an awer probéiert ginn ass mat iergendwellechen Ëmschreiwungen do derlaanscht ze kommen. Dat ass den Dilemma an där ganzer Geschicht. Et ass mat zwou Hänn ze gräifen an et ass jo och elo déi lescht Zäit offensichtlech ginn, datt iergendwou Steng stinn am réien Zoustand, nach net geschnidde Bléck, wou en „Lu" drop ass a wou Leit anscheinend zouginn hunn, datt dat déi wären, déi fir de Musée reservéiert gi ware laang éier d'Prozedur ugelaf ass.

E vereedegten Expär vun der Cour d'appel zu Versailles, dat ass jo elo ganz sécher e Mann, géing ech mengen, deen iwwer all Zweifel stéing, ass formell, datt dat Material, wat déi Lëtzebuerger Firma, déi en jeu ass, mat aneren Associéen aus dem Ausland presentéiert huet, elo de Kritären am éischte géing entspriechen. Trotzdeem ass an enger Geriichtsaffär, déi um Lafen ass, elo schonn erëm plädéiert ginn dat Material wär net dat, wat gesicht wär a wat deene Kritäre géing entspriechen. Duerfir sinn ech dann elo iwwerrascht.

Gëscht kréien ech dann elo en Dokument an d'Fanger, dee leschte Coup, deen de Ministère sech erlaabt huet, oder déi Leit déi do d'Ausschreiwunge maachen, ass deen, datt bei der éischter Soumissioun, wou et ëm d'Steng an ëm d'Pose gaangen ass, ëm de ganze Marché, e Seuil vum Chiffre d'affaires vun 250 Millioune Lëtzebuerger Frang virgeschriwwe ginn ass fir déi Entreprise oder dee Konsortium vun Entreprisen, déi do matmaache wëllen. Dat ass jo duerch d'Geriicht annuléiert ginn an da kënnt eng zweet Soumissioun mat erëm deemselwechten Objet an erëm deemselwechte Seuil vun 250 Milliounen.

Elo kënnt dann, nodeem datt d'Madame Minister an de Regierungsrot d'Décisioun geholl hunn, si géingen de Marché an zwee splécken, d'Steng op där enger Säit an d'Pose op där anerer Säit, de Ministère op d'Iddi fir dee Seuil erop ze setzen, bal ze verduebelen, an zwar esou datt dee Seuil iwwert de Chiffre d'affaires vun deem Soumettant kënnt, wou eng Lëtzebuerger Entreprise federführend ass, dat heescht datt dee Konsortium da quasi ausgeschloss wär. De Seuil vum Chiffre d'affaires bleift awer nach ënnert deem vun deem eenzege Konkurrent, dee virdrun ëmmer matgemaach huet.

***(Interruption)***

Et gëtt iwwerhaapt keng Explikatioun fir esou e Comportement. Ech iwwerloosse jiddferengem säi Jugement doriwwer ofzeginn. Hei ass vun Ufank u mat enger Zilstrebigkeet, déi een einfach aus dem Suedel gehäit, probéiert gi fir an eng Richtung ze operéieren. Wuerfir - kann ee sech d'Fro stellen - ass dat esou? Sinn et perséinlech Rancunen? Ass et eng Ofrechnung, déi muss beglach ginn? Oder ass effektiv Korruptioun, wéi mäi Frënd den Yves Henckes et éinescht gesot huet an hei e bësse Remous domat ervirgeruff huet, am Spill?

Ech accuséiere keen hei.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Ech huelen, Här President, mat Ärer wohlwollender Genehmegung, de Rapport GRECO, dat ass de Conseil de l'Europe, de Groupe d'Etats contre la corruption, an zwar de Rapport iwwer Lëtzebuerg. Ech liesen Iech zwee méi kleng Zitater dorauser vir. Do gëtt gesot: «En troisième lieu la presse,» - d'Roll vun der Press hei zu Lëtzebuerg – «qui possède de fortes attaches politiques, ne semble pas excercer son rôle d'observateur avec la même rigueur que dans d'autres pays.» Dat ass eng Feststellung, déi déi Leit gemaach hunn.

***(Interruption)***

«Mais cela peut également être dû» - déi Aart a Weis wéi et hei leeft – «au traditionnel manque de transparence des autorités publiques, à l'absence de protection pour les sources d'information des journalistes, et à la façon dont les autorités ont parfois réagi à des allégations de corruptions formulées dans la presse.» Dat ass et jo hei. Wann och nëmmen de Verdacht geäussert gëtt, da gëtt hei schonn den Opstand geprouft, well et jo net däerf an net ka sinn. An alle Länner ronderëm eis kréckelt et vu Korruptioun. Kuckt a Frankräich, kuckt an Däitschland a kuckt an d'Belsch, et ass fuerchtbar!

***(Interruptions)***

Just hei zu Lëtzebuerger gëtt et dat natierlech net.

Dann halen ech op, Här President, mat engem aneren Zitat.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Schwätzt emol vun Ärer eegener Partei a frot den Här Vitali emol wat dee vun där Prozedur hält.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här Weiler, de Conseil de l'Europe recommandéiert: «Les évaluateurs recommandent» - hei an hirem Rapport - «cependant que le Luxembourg se dote d'un organisme spécialement consacré à la répression, qui serait chargé de centraliser et de traiter méthodiquement les informations provenant de différentes sources et qui plus généralement veillerait à l'application d'une politique proactive de détection de la corruption.» Wann dat hei am Land net geschitt, Här President, da sinn ech iwwerzeegt datt et och mat deem neie Gesetz net besser gëtt.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Minister vun den öffentleche Bauten, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'alleréischt meng Referenz virun der Chamberskommissioun maachen, dem zoustännege President an dem Rapporteur, déi eng gutt Aarbecht geleescht hunn. Dëst Gesetz ass no enger laanger Virbereedungszäit, et ass scho vu mengem Virgänger an d'Wee geleet ginn, mat alle concernéierte Beruffschamberen zesummen ausgeschafft ginn an eis Chamberskommissioun huet hei gutt Aarbecht geleescht. Ech wëll soen, hei huet de Législateur seng richteg Roll iwwerholl. Dëst Gesetz geet anescht aus der Chamber eraus wéi et erakomm ass.

Et ass e komplizéiert Gesetz, dat ass evident, well et versicht oder et soll versichen eng komplizéiert Matière einfach ze regelen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sollen awer och net vergiessen, datt mer dëst Gesetz an engem Kontext vu wirtschaftlecher Onsécherheet stëmmen. Dës wirtschaftlech Onsécherheet, déi op eise Betriber läit, huet leschten Enns och en Afloss op d'Aart a Weis wéi mer déi öffentlech Ausschreiwunge regelen.

Mir wëssen, datt dee grousse Bauprogramm op deen ech nach zréckkomme vun der öffentlecher Hand fir d'Betriber munchmol d'Iwwerliewenschance ass, an datt et duerfir och geduecht ass, datt mer mat dësem Text d'Prozedure vereinfachen, an datt mer allen Awänn Rechnung droen, déi gemaach gi sinn. Déi laang Aarbecht, déi laang Zäit an datt de Statsrot oft beméit ginn ass beweisen, datt hei versicht ginn ass Kompromisser ze maachen. Ouni Kompromisser geet et nun eemol net an esou enger komplizéierter Matière.

Ech wëll nieft dem Merci un de Législateur an un de Statsrot awer och de Ministère mat aschléissen, well den Här Georges Hilger a säi jonken Assistent Claude Pauly hunn hei gutt Aarbecht gemaach. Si hunn net nëmmen nieft dem Text vum Gesetz och d'Reglement virgeluecht, mä si hunn och nach e Vademecum ausgeschafft.

Alleguerten déi, déi mat dësem Gesetz ëmgoe mussen, wäerten an den nächsten Deeg en Text zougestallt kréien, wou da ganz kloer dra steet wat wat bedeit, an déi, déi nach Nohuelbedarf hunn - ech soen dat fir den Här Henckes -, do maache mer gären och eng Zousazinformatioun, well et schéngt mer wéi wann do Verschiddenes am Text net richteg verstane gouf.

Et ass eng vun de Prioritéite vun der Regierung fir online ze goen - ech mengen do misste mer emol e lëtzebuergescht Wuert erfannen, ob ee ka soen op de Schierm ze goen? - a fir domadder och déi nei Technologien anzesetzen. Dat ass eng vun den absolute Prioritéite vum Programm eGovernement.

Mir hu versicht mat dësem Text och déi europäesch Regelung mat an een Text erafléissen ze loossen a mir hunn domadder natierlech, doduerch datt mer esou laang dru geschafft hunn, och elo déi nei Direktiv virun eis stoen, an do ass et jo evident datt mer Verschiddenes scho vun där neier Direktiv an dësen Text iwwerholl hunn. D'Madame Wagener huet dat selwer ervirgehuewen. Mir hunn also deemno net gemaach wéi wann et déi Direktiv net géif ginn. Mir hunn eis Prozedure ginn, déi vereinfacht, méi flexibel an déi verkierzt sinn, an dat zum gréisste Benefiss vun eise Betriber.

Des Öftere gëtt jo der Regierung virgeworf, datt se bei Direktiven iwwert d'Zil schéisse géif an datt se net genuch Rücksicht op d'Lëtzebuerger Betriber géif huelen. Ech mengen, dat ass dës Kéier net geschitt an ech verstinn och datt mat Ongedold op dësen Text gewaart gëtt, well grad déi Lëtzebuerger Entreprisë sech heivu vill erwaarden.

Et war duerfir wichteg, datt all déi Betraffe Geleeënheet hate fir hei mat drun ze schaffen. Ëm wat geet et? Ech soen dat emol unhand vu Statistiken. Am Joer 2001 goufe fir 794 Milliounen Euro 57.255 Marchéen ofgeschloss. Dat waren 127.712 Rechnungen. Déi Rechnunge sinn un 10.945 Entreprisë gaangen: Entreprisen, Fournisseuren a Prestataires de service.

Dat heescht an anere Wierder, dat ass e gewaltege Volume un Aarbecht. 79% vun den Entreprisen un déi déi Marchéë gaange si waren zu Lëtzebuerg domiciliéiert. 92% vun der Valeur vun alle Marchéë sinn hei zu Lëtzebuerg bliwwen. Mir gesinn also wat fir en Impakt dat doten op eis Lëtzebuerger Wirtschaft kann hunn, an duerfir ass et och gutt wann d'Regele kloer an transparent sinn.

44% vun alle Marchéen hunn de Ministère vun den Travaux publics concernéiert, an dat ass bäi wäitem och dee gréisste Volume. Dëse Volume gëtt behandelt vun enger 250 Fonctionnairen am Ministère, am Service des Bâtiments publics an och am Service vu Ponts et Chaussées. Dat heescht déi Fonctionnairë mussen awer net nëmmen d'Ausschreiwunge behandelen am Virfeld, dat heescht Cahiers-des-chargen ausschaffen, de Contrôle maachen, mä déi mussen och herno d'Dekonte maachen a si mussen alleguerten déi Iwwerwaachunge maachen, déi jo vun Iech gefrot ginn. Dat ass also och e gewaltege Volume un Aarbecht fir deen déi Administratioun de Luef verdéngt.

Ech weisen drop hin, datt och aner Ministèrë grouss Volumen an dësem Beräich ze bewältegen hunn. 21% vun de Marchéë ginn nämlech vum Transportministère gemaach, 11% vum Ministère vun den Affaires étrangères, 9% vum Ministère vun der Santé a 5% vum Ministère vun der Education nationale. Ee Volume vu 794 Milliounen Euro - wat no bäi 32 Milliarde Frang sinn - an engem Budgetsjoer an de Circuit ze bréngen, ech mengen domat hunn déi öffentlech Verwaltungen all Hänn voll ze dinn.

An, Här President, bei deem Programm, deen nach virun eis läit, steet éischter méi wéi manner Aarbecht un. Et läit och net an der Absicht vun der Regierung, fir hire Bauprogramm ze kierzen. Dëse Bauprogramm soll voll duerchgezu ginn, an ech widderhuelen nach eng Kéier wat an dem Budget pluriannuel vun 2002-2006 virgesinn ass. Dat si 587 Milliounen Euro am Fonds d'Investissements publics administratifs, dat si 593 Milliounen Euro fir de Fonds d'Investissements scolaires, dat sinn 164 Milliounen Euro fir de Fonds d'Investissements publics sanitaires et sociaux, also 1,3 Milliarden Euro eleng fir déi Fongen. Derniewent kënnt, datt den Investissement op dem Etablissement public Belval jo iwwer en anere Wee soll ofgewéckelt ginn, mä ëmmerhi mat enger Milliard Euro ugesot ginn ass.

Dëse ganz grousse Volume, dee soll natierlech dozou féieren an dozou hëllefen, datt eise Bau net an eng Krisesituatioun eraschliddert, datt d'Wirtschaft virun dréit, och wann et ronderëm eis ganz schlecht geet an all deenen anere Länner, an duerfir denken ech datt mer hei am Land zu Lëtzebuerg sinn an datt mer eis eis Regele solle ginn an net sollen hei opzielen, wéi et ronderëm ass. Mir sollen eis hei mat deene Leit, déi hei zesumme mat den öffentlechen Administratioune schaffen, eens setzen, wat da soll an esou ee Gesetz kommen a wéi mer et sollen duerchzéien zum Wuel vu jiddferengem.

D'Haaptziler vun dësem Gesetz sinn Transparenz, Gläichbehandlung vun alle Konkurrenten an domat Chancëgläichheet fir jiddfereen. Dir huet dat alles de Moie gesot an duerfir brauch ech dat och net ze widderhuelen.

Här President, ech kommen da vläicht nach zu verschiddene Kloerstellungen, well wa vun Transparenz geschwat gëtt a gemengt gëtt, nëmmen do wou eng Soumission publique gemaach géif ginn, dat wier Transparenz, an net do wou e Marché de gré à gré gemaach gëtt, dann ass dat eng falsch Liesweis. Mir hunn extra Seuile virgesinn déi kënnen e Marché de gré à gré zouloossen a sinn och domadder rechtlech ofgesécher.

Fir d'Joer 2001 hate mer 366 Marchés par soumission publique an 368 Marchés de gré à gré. Dat sinn zum gläichen Deel 49% op all Säit, dat ka vun engem Joer zum anere variéieren, huet awer eng aner Komponent, déi méi däitlech mécht ëm wat et geet, well 78% sinn iwwer öffentlech Ausschreiwunge gelaf, also 78% vum Volume vun de Gelder déi ausgi gi sinn, an 20% vun de Soumissioune sinn iwwer Marchés de gré à gré gelaf. Vu datt mer d'Seuilen elo am Gesetz erop gesat hunn, wäert déi Relatioun fir d'nächst Joer héchstwahrscheinlech eng aner sinn an d'Marchés de gré à gré wäerten zouhuele par rapport zu den öffentleche Soumissiounen, well mer jo hei d'Plaffongen hiewen.

Op deene 57.255 Marchéen, déi am Joer 2001 geholl goufen, sinn an de Joren 2000 an 2001 71 Recoursen un d'Kommissioun gaangen. Op 57.255 Marchéen hu mer 71 Recoursen.

***Amendement 74***

*L'article 73 est amendé comme suit:*

*Art. 73.- Aux termes du présent livre on entend par*

*(1) opérateur de réseau, toute personne juridique qui exerce une ou plusieurs activités dans les secteurs de l'eau, de l'énergie, des transports et des télécommunications et qui bénéficie de droits spéciaux ou exclusifs délivrés par une autorité publique.*

*(2) point de terminaison du réseau, l'ensemble des connexions physiques et des spécifications techniques d'accès qui font partie du réseau public de télécommunications et qui sont nécessaires pour avoir accès à ce réseau public et pour communiquer efficacement par son intermédiaire;*

*(3) services de télécommunications, les services qui consistent, en tout ou en partie, en la transmission et l'acheminement de signaux sur le réseau public de télécommunications, à l'exception des signaux de radiodiffusion et de télévision;*

*(4) services publics de télécommunications, les services de télécommunications dont l'offre a été confiée spécifiquement par l'Etat à une ou plusieurs entités de télécommunications;*

*(5) réseau public de télécommunications, l'infrastructure publique de télécommunications qui permet le transport de signaux entre des points de terminaison définis du réseau par fils, par faisceaux hertziens, par moyens optiques ou par d'autres moyens électromagnétiques.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 75***

*L'article 74 est amendé comme suit:*

*Art. 74.- Les dispositions de la présente loi s'appliquent aux opérateurs de réseaux qui exercent une ou plusieurs des activités suivantes:*

*a) la mise à disposition ou l'exploitation de réseaux fixes de production, de transport ou de distribution d'eau potable, d'électricité, de gaz ou de chaleur ou encore l'alimentation des réseaux fixes en eau potable, en électricité, en gaz ou en chaleur lorsque ces réseaux sont destinés à fournir un service au public;*

*b) la prospection ou l'extraction du pétrole, du gaz, du charbon ou d'autres combustibles solides;*

*c) la mise à disposition à des transporteurs aériens, maritimes ou fluviaux, d'aéroports, de ports maritimes ou intérieurs ou d'autres terminaux de transport à la disposition des transporteurs aériens, maritimes ou fluviaux;*

*d) l'exploitation de réseaux de transport par chemin de fer, systèmes automatiques, tramway, trolleybus, autobus, autocars ou remontées mécaniques lorsque ces réseaux sont destinés à fournir un service au public.*

*Un réseau existe lorsque le service est fourni aux conditions déterminées par l'autorité publique compétente quant aux itinéraires à suivre, à la capacité de transport disponible ou à la fréquence du service;*

*e) la mise à disposition ou l'exploitation de réseaux de télécommunications ou la fourniture d'un ou de plusieurs services de télécommunications.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 76***

*L'article 75 est amendé comme suit:*

*Art. 75.- Sont exclues du champ d'application de la loi:*

*1) La fourniture au public d'un service de transport lorsque d'autres opérateurs peuvent librement fournir ce service, d'une manière générale ou dans une aire géographique spécifique, dans les mêmes conditions que les opérateurs de réseau.*

*2) L'alimentation en eau potable, en électricité, en gaz ou en chaleur de réseaux fixes par un opérateur de réseau autre que les pouvoirs adjudicateurs destinés à fournir un service au public*

*a) la production d'eau potable ou d'électricité par l'opérateur concerné si elle est réservée à sa consommation et est nécessaire à l'exercice d'une activité autre que celle visée à l'article 74;*

*b) l'alimentation du réseau public en eau potable ou en électricité en vue de la consommation propre de l'opérateur pour autant qu'elle ne dépasse pas 30% de la production totale d'eau potable ou d'énergie de l'opérateur en moyenne des trois dernières années, y inclus l'année en cours;*

*c) la production de gaz ou de chaleur par l'opérateur de réseau résultant de l'exercice d'une activité autre que celle visée à l'article 69 et l'alimentation du réseau public afin d'exploiter de manière économique cette production pour autant qu'elle ne dépasse pas 20% du chiffre d'affaires de l'opérateur en moyenne des trois dernières années, y inclus l'année en cours.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 77***

*L'article 76 est amendé comme suit:*

*Art. 76.- Les opérateurs de réseau sont énumérés à l'annexe V. Les modifications sont à notifier à la Commission européenne.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 78***

*L'article 77 est amendé comme suit:*

*Art. 77.- Les mesures de publicité du Livre II s'appliquent aux marchés dont la valeur estimée égale ou dépasse 600.000 € pour les marchés de fournitures et de services et 5.000.000 € pour les marchés de travaux.*

*Si les opérateurs de réseaux exercent des activités dans les secteurs mentionnés aux points 1), 2), 7), 8) et 9) de l'annexe V la valeur estimée des marchés soumis à la loi sera de 400.000 € pour les marchés de fournitures et les marchés de services figurant à l'annexe IV A, à l'exception des services de recherche et de développement et des services de télécommunications.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 79***

*L'article 78 est amendé comme suit:*

*Art. 78.- Les dispositions de la loi ne s'appliquent pas aux marchés passés à des fins de revente ou de location à des tiers, lorsque l'opérateur de réseau ne bénéficie d'aucun droit spécial ou exclusif pour vendre ou louer l'objet de ces marchés et lorsque d'autres entités peuvent librement les vendre ou les louer dans les mêmes conditions que l'opérateur de réseau.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 80***

*L'article 79 est amendé comme suit:*

*Art. 79.- La Commission européenne peut demander aux opérateurs de réseaux la communication de toutes les catégories de produits, de services ou de travaux qu'ils considèrent comme exclus du champ d'application de la loi.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 81***

*L'article 80 est amendé comme suit:*

*Art. 80.- Les dispositions du livre III ne s'appliquent pas aux marchés qu'un opérateur de réseau de télécommunications passe pour les achats lui permettant d'assurer un ou plusieurs services de télécommunications lorsque d'autres opérateurs sont libres d'offrir les mêmes services dans la même aire géographique et dans des conditions substantiellement identiques.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 82***

*L'article 81 est amendé comme suit:*

*Art. 81.- Les dispositions du livre III ne s'appliquent pas:*

*a) aux marchés que les opérateurs de réseaux énumérés à l'annexe V 1) passent pour l'achat d'eau;*

*b) aux marchés que les opérateurs de réseaux énumérés à l'annexe V 2) à 5) passent pour la fourniture d'énergie ou de combustibles destinés à la production d'énergie;*

*c) aux marchés de services passés par un opérateur de réseau avec une entreprise liée;*

*d) aux marchés de services passés par un opérateur de réseau avec un groupement de plusieurs opérateurs de réseau avec un autre opérateur de réseau ou une entreprise liée à un opérateur de réseau du groupe, si 80% au moins du chiffre d'affaires moyen réalisé par ce groupement dans l'Union Européenne au cours des trois dernières années provient de la fourniture de ces services à des entreprises liées.*

*Lorsque le même service ou des services similaires sont prestés par plus d'une entreprise liée à l'opérateur de réseau, le chiffre d'affaires total réalisé par ces entreprises dans l'Union Européenne est pris en compte.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 83***

*L'article 82 est amendé comme suit:*

*Art. 82.- En vue de l'application des dispositions de l'article 88, la Commission européenne peut demander aux opérateurs de réseaux de lui notifier les informations suivantes:*

*– les noms des entreprises concernées,*

*– la nature et la valeur des marchés de services visés,*

*– les éléments nécessaires pour prouver que les relations entre l'opérateur de réseau et l'entreprise à laquelle les marchés sont attribués répondent aux exigences de l'article 74.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 84***

*L'article 83 est amendé comme suit:*

*Art. 83.- Les dispositions du livre III ne s'appliquent pas aux services énumérés à l'annexe IV B. Seules les règles communes dans le domaine technique et l'obligation de l'information de la passation d'un marché de services sont applicables.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 85***

*L'article 84 est amendé comme suit:*

*Art. 84.- Les dispositions de la loi ne s'appliquent pas aux marchés et aux concours que les opérateurs de réseaux passent dans l'exercice d'une activité non visée par la loi ou qu'ils passent dans un pays non membre de l'Union Européenne, à condition qu'ils n'aient pas d'implication sur l'exploitation d'un réseau à l'intérieur de l'Union Européenne.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 86***

*L'article 85 est amendé comme suit:*

*Art. 85.- Les opérateurs de réseau et les fournisseurs, entrepreneurs ou prestataires de services peuvent imposer des exigences en vue de protéger le caractère confidentiel des informations qu'elles transmettent.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 87***

*L'article 86 est amendé comme suit:*

*Art. 86.- Un cahier général des charges spécialisé à arrêter par règlement grand-ducal déterminera les modalités d'application du présent livre.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 88***

*L'article 87 est amendé comme suit:*

*Art. 87.- Un opérateur de réseau est considéré comme bénéficiant de droits spéciaux ou exclusifs:*

*a) lorsque, pour la construction des réseaux ou la mise en place des installations l'opérateur peut jouir d'une procédure d'expropriation publique, d'une mise en servitude ou d'un droit à utiliser le sol, le sous-sol et l'espace au-dessus de la voie publique pour mettre en place les équipements de réseaux;*

*b) lorsque l'opérateur alimente en eau potable, électricité, gaz ou chaleur, un réseau qui est lui-même exploité par un opérateur de réseau.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 89***

*L'article 88 est amendé comme suit:*

*Art. 88.- (1) Une demande peut être introduite auprès de la Commission européenne afin que la*

*prospection ou l'extraction de pétrole, de gaz, de charbon ou d'autres combustibles solides ne soit pas considérée comme une activité visée par la présente loi ou que l'opérateur ne soit pas considéré comme bénéficiant de droits spéciaux ou exclusifs, lorsque toutes les conditions nationales énumérées ci-après sont remplies pour l'exercice de ces activités:*

*a) si tous les opérateurs peuvent obtenir une autorisation aux mêmes conditions que celles auxquelles se trouvent soumises les opérateurs de réseau;*

*b) si les capacités techniques et financières exigées des opérateurs pour exercer ces activités sont établies avant toute évaluation des mérites respectifs des candidats en compétition pour l'obtention d'une autorisation;*

*c) si l'autorisation d'exercer ces activités est octroyée sur la base de critères objectifs concernant les moyens envisagés pour exercer la prospection ou l'extraction, établis et publiés avant l'introduction des demandes d'autorisation et s'il est garanti que l'application de ces critères doit se faire de manière non discriminatoire;*

*d) si toutes les conditions et exigences concernant l'exercice ou l'arrêt de l'activité ainsi que les obligations liées à l'exercice de l'activité, aux redevances, à la participation au capital et au revenu des opérateurs, sont établies et mises à disposition des opérateurs avant l'introduction des demandes d'autorisation et sil est garanti que toutes les dispositions sont appliquées de manière non discriminatoire; en outre il doit être garanti que tout changement concernant ces conditions, obligations et exigences soit appliqué à tous les opérateurs et qu'il se fasse de manière non discriminatoire; les obligations liées à l'exercice de l'activité concernée doivent être applicables qu'au moment de l'octroi de l'autorisation.*

*(2) Les opérateurs de réseau ne sont pas obligés de fournir des informations sur leurs sources d'approvisionnement, sauf à la demande d'autorités nationales et exclusivement en vue des objectifs mentionnés à l'article 36 du Traité de l'UE.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 90***

*L'article 89 est amendé comme suit:*

*Art. 89.- Chaque opérateur doit communiquer à la Commission européenne, dans les conditions à définir par celle-ci, des informations relatives à l'octroi des marchés.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 91***

*L'article 90 est amendé comme suit:*

*Art. 90.- Les concessions ou autorisations accordées avant la date de mise en vigueur de la présente loi restent valables, si d'autres opérateurs sont libres de demander une autorisation de prospecter ou d'extraire du pétrole, du gaz, du charbon ou d'autres combustibles solides, sur une base non discriminatoire et en fonction de critères objectifs. L'article 88 (1) n'est pas applicable lorsque les conditions, obligations et exigences ont été établies, appliquées ou amendées avant la date de mise en vigueur de la loi.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

***Amendement 92***

*L'article 91 est amendé comme suit:*

*Art. 91.- La Commission européenne doit être informée sur toute disposition législative, réglementaire ou administrative, tout accord ou toute entente rentrant dans le cadre des articles 85 et 86.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 93***

*L'article 92 est amendé comme suit:*

*Art. 92.- Les seuils d'application visés aux articles qui précèdent s'entendent hors TVA. L'adaptation des seuils fixés par l'Union Européenne ou par l'Organisation Mondiale du Commerce se fera par règlement grand-ducal.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 94***

*L'article 93 est amendé comme suit:*

*Art. 93.- Les annexes suivantes font partie intégrante de la présente loi. Elles peuvent être modifiées par règlement grand-ducal.*

*Annexe I. Liste des activités professionnelles correspondant à la nomenclature générale des activités économiques dans les Communautés européennes*

*Annexe II. Liste des pouvoirs adjudicateurs luxembourgeois soumis à l'accord AMP relatif aux marchés publics*

*Annexe III. Liste des produits concernant les marchés passés par les pouvoirs adjudicateurs dans le domaine de la défense*

*Annexe IV A. Liste des services*

*Annexe IV B. Liste des services au sens du Livre III*

*Annexe V. Liste des pouvoirs adjudicateurs luxembourgeois répondant aux critères déterminés par le livre III.*

*Annexe VI. Les modèles d'avis de marchés et le vocabulaire commun des marchés publics.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 95***

*L'article 94 est amendé comme suit:*

*Art. 94.- Est abrogée la loi modifiée du 4 avril 1974 concernant le régime de marchés publics de travaux et de fournitures.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

***Amendement 96***

*L'article 95 est amendé comme suit:*

*Art. 95.- La présente loi entre en vigueur le 1er août 2004.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.*

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech mengen, d'Gesetz ass e bëssen ze vill seriö fir nach elo hei esou eppes opzefëieren. Ech fannen déi Aart a Weis, wéi der Iech hei elo beholl hutt, fir heihin ze kommen, um fënnef vir zwielef wou soll ofgestëmmt ginn, engem hei esou ee Pak dohin ze geheien, also dat beweist jiddefalls wéi Der Är Saach selwer seriö huelt. Well wann Der et seriö gemengt hätt, kéint ech mer virstellen, dann hätt Der et erabruecht wéi Der d'Wuert hat als Riedner vun Ärer Partei an Der hätt schéin Är Amendementer exposéiert a motivéiert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Mir wollte fir d'éischt der Madame Ministerin d'Geleeënheet gi fir eppes ze maachen.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Ja, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech muss awer dogéint protestéieren. Ech mengen eist Chamberreglement gëtt eis d'Méiglechkeeten hei Amendementer eran ze gi wéi mir wëllen, a mir brauchen eis hei net virschreiwen ze loossen, vu kengem, wéini datt mir eis Amendementer deponéieren. Dat wollt ech hei domat gesot hunn.

M. le Président.- Ech erlabe mer Iech awer dorobber ze äntwerten: Dann hätt den Orateur mandaté vun Ärer Partei et jo dee Moment kënne maachen. An du wéi e sech ëmgedréint huet, et ass doweinst wou ech mech iergeren: Dat geheit een net esou dohinner, domat bréngt ee selwer zum Ausdrock, dass een net vill dovunner hält.

***(Interruptions et brouhaha général)***

Da soll een dat seriö maachen. Bis elo war et üblech, wann d'Leit eppes erabruecht hunn, dann hu se sech schéin ëmgedréint, dann hu se gesot: Hei, wann ech gelift, awer fir dat…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, wat d'Iwwerreeche vun den Amendementer ugeet, wëll ech eis vun eiser Säit entschëllegen, dat war net an der gewinnter Form iwwerginn, mä dat huet awer näischt mam Fong vun der Saach ze dinn.

M. le Président.- Den Här Weiler freet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, dee Projet hei ass iwwer Joren an der Kommissioun diskutéiert ginn. Elo kréie mer haut hei um zwanzeg bis eng ech weess net wivill Amendementer presentéiert.

***(Interruptions diverses)***

Ech froen den ADR, deen elo dräi Joer Zäit hat 95 Amendementer, déi en haut presentéiert huet, ze presentéieren an der Kommissioun, déi en Zäit gehat hätt haut am Kader vun den Debatten hei duerzeleeën an ze explizéieren. Wéi soll dann eng Chamber elo haut hei um zwielef Auer kënnen ofstëmmen iwwer 95 Amendementer, déi mer nach net gesinn hunn, wou mer net wëssen ëm wat datt et geet, wat dra steet, déi net explizéiert gi si vum ADR, weder an enger Kommissioun nach an der Debatt haut, nach beim Dépôt.

An ech muss Iech soen, dat do ass unique. Ech sinn elo 20 Joer hei an där Chamber. Dat do hunn ech an deenen 20 Joer nach net erlieft, wéi haut de Moien hei verfuer gëtt. Dat do ass einfach d'parlamentaresch Aarbecht net seriö geholl, fir d'Chamber hei ze konfrontéiere mat Texter, wéi dat elo hei iwwert d'Bühn gaangen ass.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech kann domadder net averstane sinn. Mir hunn, wéi d'Debatten ugaange sinn an der Kommissioun, en Text eraginn, wéi mir eis e virgestallt hunn, wéi e misst amendéiert ginn, an haut ass eben d'Diskussioun hei. Mir hu schonn x-mol hei Projeten diskutéiert, datt déi eng oder aner Fraktioun Amendementer abruecht huet, datt et der vläicht ni esouvill ware wéi mir der elo haut erabruecht hunn, dat ass eng aner Diskussioun. Mä et ass eng normal Prozedur, datt hei an der Chamber am Kader vun Diskussiounen iwwer Projeten Amendementer erabruecht ginn. A wa mir nun ebe mengen, datt dat Gesetz hei global esou schlecht ass, datt et misst op ganz villen Artikelen amendéiert ginn, dann ass dat eist Recht, a wann den Här Weiler dat nach net mat erlieft huet, et muss een alles am Liewen eng Kéier fir d'éischt maachen.

***(Interruptions diverses)***

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Här President, als President vun der Kommissioun wëll ech soen, datt am Ufank den Här Henckes an där Kommissioun war a ganz aktiv, fair an zerguttst matgeschafft huet. Hien huet seng Amendementer eraginn, mir hu se diskutéiert a mir hunn Ëmännerungen ubruecht. Zu engem gewësse Moment huet e gesot: Ech kommen net méi, Dir lauschtert mer jo net no. Do hu mer selbstverständlech net méi op alles agelaut wat e gesot huet. Dat huet hien derzou verulasst fir ze deklaréieren: Da kommen ech net méi heihinner an ech wäert iergendwann dann eng Kéier... An elo ass dann dee Moment do, elo féiert e säin Zauber op, mä en hätt ëmmer d'Geleeënheet gehat während där ganzer Zäit an d'Kommissioun ze kommen.

***(Interruptions)***

Den Här Koepp ass Member doranner. Hien huet den Här Koepp do ersat. Zum Schluss ass awer erëm den Här Koepp komm an den Här Koepp war ëmmer mat allem averstan, just wéi mer herno sollten ofstëmmen, huet den Här Koepp gesot, ech stëmmen elo dergéint, well dat dem Här Henckes esou an de Krom gepasst huet, mä soss war den Här Koepp vum ADR ëmmer mat deem d'accord wat mir an der Kommissioun diskutéiert hunn. Ech wëll dat einfach esou hei deklaréieren.

***(Interruptions diverses)***

Ech fannen et wierklech e staarkt Stéck, wéi d'Madame Jacobs seet, wat elo haut hei opgefouert gëtt. Et ass richtegen ADR-Theater.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, et ass esou, wann den ADR Amendementer abréngt, da kënnt déi Chamber hei net derlaanscht fir déi Amendementer a Considératioun ze zéien. Et kann awer net sinn, datt mir elo hei ufänken ofzestëmmen iwwer 95 Amendementer, déi mer net kennen. Dofir géif ech der Chamber proposéieren, mir huelen eis Zäit fir dat ze maachen. Mir bieden den Här Henckes op d'Chamberstribün, fir eis déi 95 Amendementer, een no deem aneren, ze explizéieren, fir datt d'Chamber weess ëm wat datt et geet.

Laut Reglement hu mer jo esouvill Riedezäit fir all eenzelnen Amendement. Den Här Henckes ass gebieden op d'Chambertribün ze kommen an déi 95 Amendementer der Chamber hei am Detail ze explizéieren, fir datt mer wëssen iwwer wat mer hei ofstëmmen, ob mer d'Amendementer unhuelen oder ob mer se verwerfen.

Ech géif Iech bieden, Här President, dem Här Henckes d'Wuert ze ginn, datt en eis hei 95-mol seet, wat e mengt.

M. le Président.- Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, ech huelen déi Offer do mat grousser Freed un. Ech war drop virbereet, datt esou eppes géing kommen.

***(Hilarité)***

Dat anert wat ech dem Här Weiler nach wollt soen, wou e gesot huet, dat heite wär et bis elo nach net am Parlament ginn. Här Weiler, ech hu mech inspiréiert un enger Praxis, déi ech vun der Demokratescher Partei aus kannt hu beim Gesetz iwwert de Contrat de travail.

***(Interruptions diverses)***

De Contrat de travail, deen Ablack hat ech déiselwecht Prozedur an enger anerer Qualitéit geholl als Deputéierte vun der DP a wou ech deen Ablack och bal eng 80 oder 90 Amendementer mat erabruecht hat.

Ech fannen datt dat hei an all Parlament zu de Geflogenheete gehéiert, datt wann ee mat engem Gesetz net d'accord ass, wann ee wëllt Alternative proposéieren. An ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, datt mir ons loyal Kollaboratioun gefrot haten, ënnert der Konditioun datt de Fonds du Logement mat géing drakommen. Dat ass net geschitt an doduerch ass et kloer, datt mer deen Ablack alleguerten déi aner Saachen, déi mer virgeschloen hunn, iwwerall si mer refuséiert ginn, well gesot ginn ass, d'Gesetz misst séier duerchgoen, séier säit dräi Joer. Ënnert séier verstinn ech eppes anescht ewéi d'Madame Bauteminister. Vläicht hat ech dat falsch verstanen. Mä ech sinn awer bereet all déi Explikatiounen hei ofzeginn, wann d'Chamber et wëllt.

M. le Président.- Mir halen eis hei un d'Reglement. Den Débat général ass ofgeschloss. Dir hat also Zäit Är Amendementer ze explizéieren. Da fänke mer direkt un driwwer ofzestëmmen. Wann der dorobber halt, da gëtt een Amendement no deem aneren ofgestëmmt, mä wat den Débat ubelaangt, ass den Débat général laut eisem Reglement ofgeschloss. Dir hat esouvill Minutten zegutt, an den Débat geet net erëm frësch un.

Den Här Rippinger wollt d'Wuert froen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech wollt fir d'éischt froen, Här President, ob der vérifiéiert hutt, …

***(Coups de cloche de la Présidence)***

…dass déi 95 Amendementer fënnef Ënnerschréften hunn. Fir d'éischt misst een dat vläicht nokucken, well an eisem Reglement musse jo déi 95 Amendementer vu fënnef Deputéierten ënnerschriwwe sinn. Wann dat de Fall ass, da géif ech just dem Här Henckes drop äntwerten, well hien ass ganz oft gewinnt ze flunkeren, besonnesch dat wat en elo gesot huet iwwert d'Gesetz vum Contrat de travail. Wann ech mech net ieren, ass dat vun 1989. Dat war zu enger Zäit wou hien nach an der DP war, vläicht huet hien dann deemools déi Amendementer erabruecht.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Jo, Jo, Jo!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Mä et waren op jidde Fall garantéiert keng 95.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Et woren der 83.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Vläicht war dat och d'Ursaach, firwat datt mer Iech duerno net méi wollten.

***(Hilarité)***

Oder ech géif soen, vläicht eng vun den Ursaachen.

Ech géing allerdéngs dat hei proposéieren. Ech hunn d'Reglement an deem Kapitel iwwert d'Amendementer nogelies, an dee Fall hei, wou een Amendementer presentéiert, nodeem wou de Minister geschwat huet, ass net virgesinn.

Une voix.- Dach!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- En ass net virgesinn. Et steet och net dran, wéini dass déi Amendementer presentéiert ginn. Ech géif awer soen, de Respekt vis-à-vis vun den 59 aneren Deputéierten ass awer, wann ech dann déi vum ADR ewech huelen, datt een déi Amendementer, ier de Minister d'Wuert hëlt, presentéiert. Dann huet de Greffe op d'mannst d'Méiglechkeet se ze vervielfälteg en an auszedeelen. Esou si mer an enger Situatioun, wou mer se

net gesinn hunn, wou mer den Text net kennen. Mir kënnen ënnert deenen Ëmstänn net iwwert déi Amendementer ofstëmmen. Et huet och kee Wäert a mengen Aen, dass den Här Henckes déi elo exposéiert, well souwisou hëlt kee Kenntnis dovunner währenddeem wou e se virliest.

***(Hilarité)***

Also bréngt dat, géing ech soen, eis guer näischt.

***(Interruptions diverses)***

Eist Reglement gesäit vir, dass déi Amendementer kënnen an d'Kommissioun renvoyéiert ginn. Ech géing da proposéiere se an d'Kommissioun ze renvoyéieren a mir géingen d'Gesetz stëmmen.

***(Interruptions diverses)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, mir wëllen eis net äusseren iwwert déi Amendementer oder déi Prozedur hei. Ech wollt just soen, datt Dir Recht hutt wat den Temps général ubelaangt. Deen ass erschöpft, well d'Amendementsriedezäit bedréit fënnef Minutte supplément. Déi sinn awer schonn opgebraucht. Et ass awer elo e Problem. Mir wäerten un deem Vote net deelhuelen, well mer net wësse wat mer ofstëmmen. Ech kann net hei fir eppes dofir oder dergéint sinn, dorfir enthalen ech mech. Dat heescht, wann dee Vote elo esou duerchgezu gëtt mat deenen 90 Amendementer, wäerte mir um Vote doriwwer net deelhuelen.

M. le Président.- Den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här President, en Temps de parole gëtt et net, well den Amendement ass am Projet de loi mat dran. Et gëtt keen extraë fir d'Amendementer. Dat eenzegt, laut Artikel 68, wat mer kënnten huelen: „En séance publique, si la Chambre décide qu'il y a lieu de renvoyer soit au Conseil d'Etat soit en Commission, elle peut suspendre la délibération", an ech muss éierlech soen, dass jo kee vun eis hei capabel ass iwwert déi Amendementer do ofzestëmmen, vu datt e se net gesinn huet. Et géing am leschte Grad onseriö schéngen. Ech hätt also léiwer, mer géingen dann nolens volens dee Vote reportéieren. Ech gesinn net a wéi mer och seriö geholl ginn, egal wat een elo iwwert déi Amendementer do hält an iwwert déi Prozedur. Ech fanne se net korrekt. Mä awer fannen ech, dass mer net kënnen décemment driwwer ofstëmmen. Dofir proposéieren ech, dass mer den Artikel 68 (2) uwenden an de Vote suspendéieren a se an d'Kommissioun verweisen.

M. le Président.- Den Här Weiler freet nach d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, ech hat proposéiert, well ech gär gehat hätt, datt mer dee Projet haut ofgestëmmt hätten. D'Chamber kann ëmmer, wa se wëllt, en Temps supplémentaire ginn, an dann hätt den Här Henckes Zäit hei gehat fir eis am Detail ze soen, wat dann an deenen 95 Amendementer steet. Et hätt mech och interesséiert an ech wär gespaant gewiescht op den Exposé, deen ech hei héieren hätt. Wann dat awer elo net de Fall ass, a mir wëssen alleguerten, datt vill Deputéierten de Mëtteg aner Obligatiounen hunn, da géing ech mech dem Här Krecké uschléissen, an da kucke mer d'nächst Woch, vläicht um Enn vum Etat de la Nation, dee Projet hei nach eng Kéier op den Ordre du jour ze huelen. Dann hu mer alleguerten Zäit fir Kenntnis ze huelen. Ech denke jo datt déi 95 Amendementer extensiv motivéiert sinn, an deem wat déposéiert ginn ass. Mir hunn dat jo nach alles net gesinn, esou datt mer och da keng gréisser Debatt bräichten, datt mer opgrond vun de Motivatiounen, déi eis vum ADR jo wahrscheinlech schréftlech zerwéiert gi sinn, dann en connaissance de cause kënnen ofstëmmen.

Dofir, Här President, mir kucken an der Conférence des Présidents en aneren Datum ze fanne fir de Projet op den Ordre du jour ze huelen an dann ofzestëmmen.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Solle mer et dann net esou maachen, dass mer just de Vote reportéieren op den nächsten Dënschden? Dat ass eng Propositioun, déi gemaach gëtt. Den Débat ass fäerdeg an da gëtt den Dënschden uschléissend un den Etat de la Nation d'Sitzung ënnerbrach a mer stëmmen dann driwwer of. Den Här Bausch freet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech froe mech awer, ob et net sënnvoll wär, dass wéinstens dann nach déi zoustänneg Kommissioun vun der Chamber eng Kéier géif zesummekomme fir déi Amendementen do duerchzekucken. Ech weess jo wéi et soss herno hei geet, dann diskutéiere mer awer d'nächst Woch nach eng Kéier alles hei. Duerfir géing ech et méi sënnvoll fannen, wann d'Kommissioun nach eng Kéier zesummekënnt fir d'Amendementen ze kucken.

M. le Président.- Den Débat général ass ofgeschloss! Mir mussen eis awer un eis Regelen halen an do hu mer eng genau Regel, wou mer eis elo dru gehalen hunn a mir sinn elo amgaangen eppes Neies anzeféieren. Duerfir soen ech: Kommt mir reportéieren de Vote op déi nächst Woch an da gëtt iwwert déi Amendementen ofgestëmmt.

Fir elo nach d'Kommissioun domat ze befaassen, ech mengen awer, dass de Plenum do awer souverän ass. Et ass jo net wéi wann déi net wéissten ëm wat dass et géing goen. Mir maachen eppes wat géint eis Regel verstéisst. Déi Zäit, déi genau virgesinn ass, wou jiddferee sech dru gehalen huet, fänke mer elo erëm un, well wann et fir déi eng erlaabt ass, da mussen déi aner och erëm d'Recht hu fir erëm unzefänken an no deem System gi mer jo ni fäerdeg.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech wëll net hei am Plenum d'Zäit verlängeren, ebe just grad net, ech sinn och net der Meenung, dass Dir nach sollt zousätzlech Zäit ginn d'nächst Woch, mä et wär awer vläicht utile, well et 95 Amendemente sinn, dass d'Kommissioun nach eng Kéier zesummekéim. Ech weess et net, d'Kommissioun kënnt vläicht souwisou d'nächst Woch zesummen an da kéint se vläicht...

M. le Président.- Majo, da kann d'Kommissioun de Mëtten um dräi Auer zesummekommen an direkt doriwwer befannen.

***(Interruptions)***

Den Här Strotz freet d'Wuert.

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Här President, als President vun der Kommissioun wëll ech dann nach eng Kéier soen, datt mir eis Aarbechten an där Kommissioun ofgeschloss hunn. Mir hunn déi Amendementen oder déi Propositiounen, déi mer erakritt hu vun eise grénge Frënn a vun aneren, diskutéiert. Mir hu keng vum Här Henckes erakritt an dofir geet d'Kommissioun dovunner aus, dass mer eis Aarbechten ofgeschloss hunn.

Déi Amendemente sollen, esou wéi de President dat elo gesot huet, fotokopéiert an ausgedeelt ginn an da stëmme mer se déi nächst Woch nom Här Statsminister senger Deklaratioun hei of, Amendement fir Amendement. Ech huelen un, datt mer dann datselwecht nach ëmmer maachen, och wa mer se bis kennen, an dass mer net méi un eise Vote, dee mer an der Kommissioun geholl hunn, fréckele ginn, an datt mer dann derduerch sinn.

Op jidde Fall wëll ech soen, dass wann déi Aktioun hei geduecht war fir dee ganze Vote erauszezögeren, mir wëssen datt mer den 1. September dat Gesetz hei sollen a Kraaft setzen, mir wëssen datt nach eng Rei Viraarbecht ze maachen ass, a wa mer deen Délai vum 1. September dra gesat hunn, dann ass dat well déi ganz Handwierksbetriber an dee ganze Mëttelstand op dat Gesetz waarden. Si hu matgehollef un deem Gesetz ze schaffen a si si frou, wann et esou séier wéi méiglech do ass. Liest deenen hir Communiquéen, wouraus ervir geet, dass si op dëst Gesetz waarden. Dofir sollen si och zur Kenntnis huelen, dass et dem Här Henckes seng Absicht war, dee Projet hei bis in alle Ewigkeit hinzezéien.

Une voix.- Dräi Joer sidd Der amgaange mat deem Gesetzesprojet.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Den Här Weiler freet d'Wuert nach an da schléisse mer of.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Also, Här President, ech géif lech emol biede Kenntnis ze huele vun deem, wat den Här Henckes lech elo just op eng ganz elegant Aart a Weis op Äre Büro geklaakt huet. Ech krut eng Kopie vun him. Hei handelt et sech net ëm en eenzegen Amendement. Dat heiten ass keen Amendement! Här President, ech géing lech bieden dat unzekucken, wat Dir iwwerreecht kritt hutt. Dat hei ass eng Proposition de loi sur les marchés publics vum ADR.

Une voix.- Oh, neen!

***(Interruptions)***

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Dat hei ass keen Amendement. Här President, et ass keen Amendement hei abruecht ginn! Also, ech muss awer soen, dat do ass awer e staakrt Stéck. Net nëmmen déi Prozedur, wéi dat elo hei gemaach ginn ass, mä datt eis hei gesot gëtt et géife 95 Amendementen hei presentéiert ginn. A wat kréien ech an de Grapp gedréckt? Net een eenzegen Amendement, mä eng Proposition de loi.

Et ass hei näischt ënnerschriwwen, et steet näischt vun Amendement dran, uewen driwwer steet Proposition de loi. Dès lors, Här President, géif ech lech bieden dee Pabeier, deen Der iwwerreecht kritt hutt, do ze klasséieren, wou en higehéiert, an ech géif lech bieden zum Vote ze kommen. D'Chamber soll elo zum Vote vun deem Projet de loi, dee mer haut de Moien hei diskutéiert hunn a fir deen net een eenzegen Amendement virläit, kommen.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Virdrun huet de Fraktiounschef vun der CSV mech gefrot, ob hie kéint den Text kréien, dee verdeelt ginn ass iwwert de Wee vun Amendementen. Ech hu mer dunn erlaabt déi Note, déi ech virbereet hat fir de Fall wou et géif zu enger Debatt hei kommen iwwert d'Amendementen, datt ech déi misst erläuteren, datt ech him deen Ablack deen Text do zoukomme gelooss hunn.

***(Hilarité)***

Dat war just fir him eng Hëllef ze sinn.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Hien huet lech gutt ugeschass, Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Ech géif awer denken, dass dat wat mir hei déposéiert hunn Amendemente sinn en bonne et due forme, 95 Stéck, a wou deen Ablack all Kéiers fir all Amendement fënnef Ënnerschréften do sinn a si sinn déposéiert ginn an där Form wéi onst Chamberreglement et virgesäit, mä ech wollt lech hei, Här Weiler, wierklech nëmmen hëllefen.

M. le Président.- Den Här Rippinger kritt d'Wuert, mä dann hale mer awer op, dann huet jiddfereen hei geschwat.

***(Interruption)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, ech fannen datt mer elo laang genuch engem Deputéierten, engem Kolleeg vun eis, deen esou irrespectueux mat eis ëmgeet, d'Tribün ginn hunn, a mir sollen elo iwwert déi Propositioun ofstëmmen déi 95 Amendementen eventuell zréckzeverleeën op d'nächst Woch an de Gesetzestext mat, an dass mer en da stëmmen. Et geet elo duer!

M. le Président.- Also, wann ech gutt verstanen hunn, da geet d'Propositioun dohinner, dass mer de Vote vertagen op d'nächst Woch en Dënschden uschléissend un den Etat de la Nation, da géife mer dorop zréckkommen an da géinge mer doriwwer ofstëmmen. Ass et esou?

***(Assentiment)***

Ech mengen domadder wier d'Décisioun gefall. D'Motiounen an d'Resolutioune gi selbstverständlech dee Moment och behandelt.

Domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm an d'Sitzung ass domadder opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 12.56 heures)***

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

*d'Chamber online op*
**www.chd.lu**

**Chamber TV**
*och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*

## Ordre du jour

1. Dépôt de 32 projets de loi
2. Communications
3. Ordre du jour
4. Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat
5. Dépôt d'une proposition de loi
6. Dépôt d'une motion par M. Jos Scheuer relative à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre
7. 4635 - Projet de loi sur les marchés publics (suite)

   *(Amendements - Vote - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motions - Votes)*
8. Motions de M. Nicolas Strotz et de M. Jos Scheuer relatives à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre

   *(Discussion)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs, Erna Hennicot-Schoepges, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Charles Goerens, Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.03 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen?

***(Assentiment)***

D'Wuert huet den Här Statsminister.

### 1. Dépôt de 32 projets de loi

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, de Grand-Duc huet eis am Laf vun deene leschten Deeg autoriséiert, eng Rei vu Gesetzesprojeten hei an der Chamber ze déposéieren.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, dépose les projets de loi suivants:

*- le projet de loi N° 5132 relative à l'initiative populaire en matière législative et au référendum*

*- le projet de loi N° 5133 portant organisation du Service de Renseignement de l'Etat*

*- le projet de loi N° 5134 relative à la classification de pièces et aux habilitations de sécurité*

*- le projet de loi N° 5135 portant approbation de l'Accord sur la Sécurité des Informations entre les Parties au Traité de l'Atlantique Nord avec ses annexes 1, 2 et 3 signé par le Luxembourg le 14 juillet 1998*

Au nom de Madame Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur:

*- le projet de loi N° 5136 portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Bulgarie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003*

*- le projet de loi N° 5137 portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République d'Estonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003*

*- le projet de loi N° 5138 portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lettonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003*

*- le projet de loi N° 5139 portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lituanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003*

*- le projet de loi N° 5140 portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la Roumanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003*

*- le projet de loi N° 5141 portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République Slovaque, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003*

*- le projet de loi N° 5142 portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Slovénie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003*

Au nom de Monsieur François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi:

*- le projet de loi N° 5143 portant modification de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998*

*- le projet de loi N° 5144 relative à la lutte contre le chômage social*

Au nom de Monsieur Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale:

*- le projet de loi N° 5145 sur l'administration du patrimoine du régime général de pension*

*- le projet de loi N° 5146 modifiant différentes dispositions du Code des assurances sociales en matière d'assurance dépendance*

Au nom de Monsieur Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement:

*- le projet de loi N° 5147 modifiant 1. la loi modifiée du 28 décembre 1988 concernant le droit d'établissement 2. le code des assurances sociales*

*- le projet de loi N° 5148 portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes*

Au nom de Madame Lydie Polfer, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative:

*- le projet de loi N° 5149 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'Etat*

Au nom de Monsieur François Biltgen, Ministre des Cultes:

*- le projet de loi N° 5150 portant approbation de l'avenant portant extension de la Convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, d'une part, et l'Eglise Orthodoxe Hellénique du Luxembourg, d'autre part*

*- le projet de loi N° 5151 portant approbation de la Convention du 27 janvier 2003 entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, d'une part, et l'Eglise Anglicane, d'autre part*

Au nom de Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget:

*- le projet de loi N° 5152 autorisant l'Etat à acquérir des immeubles sur le site de Belval-Ouest*

*- le projet de loi N° 5153 portant transposition dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier de la directive 2001/24/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 avril 2001 concernant l'assainissement et la liquidation des établissements de crédit*

Au nom de Monsieur Henri Grethen, Ministre de l'Economie:

*- le projet de loi N° 5154 portant modification de la loi modifiée du 24 juillet 2000 relative à l'organisation du marché de l'électricité et transposant la directive 2001/77/CE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2001 relative à la promotion de l'électricité produite à partir de sources d'énergie renouvelables sur le marché intérieur de l'électricité*

Au nom de Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice:

*- le projet de loi N° 5155 portant réforme du divorce*

*- le projet de loi N° 5156 renforçant le droit des victimes d'infractions pénales et améliorant la protection des témoins*

*- le projet de loi N° 5157 portant des mesures ponctuelles en matières de prévention des faillites et de lutte contre les faillites organisées*

*- le projet de loi N° 5158 portant renforcement du cabinet des juges d'instruction près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg et portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire*

Au nom de Monsieur Charles Goerens, Ministre de l'Environnement:

*- le projet de loi N° 5159 relative à la coordination de la politique nationale de développement durable*

Au nom de Madame Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse:

*- le projet de loi N° 5160 portant institution d'un congé d'accompagnement sans solde et modifiant a) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'Etat, b) la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux*

*- le projet de loi N° 5161 portant modification de 1. la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales; 2. la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales; 3 la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel*

*- le projet de loi N° 5162 portant réorganisation des centres socio-éducatifs de l'Etat*

*- le projet de loi N° 5163 portant modification de loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti.*

Merci, Här President.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun enger Rei Projet-de-loien. Ech mengen, Här Statsminister, Dir hutt haut en neie Rekord opgestallt. Déi Projete ginn un déi zoustänneg Kommissioune verwisen an och un de Statsrot zwecks Begutachtung.

### 2. Communications

Ech hunn der Chamber folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Monsieur Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 15 mai 2003, le

*- Projet de loi 5130 modifiant le chapitre V „Relations avec les prestataires de soins" du livre Ier du Code des assurances sociales.*

### 3. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, esou héiere mer haut de Mëtten dem Statsminister Jean-Claude Juncker seng Deklaratioun zur Lag vun der Natioun. Uschléissend komme mer zu de Votë vum Projet de loi 4635 iwwert d'Marchés publics an zum Schluss hu mer d'Motioun vum Här Nicolas Strotz iwwert de Bau vun enger Tankstell op der Saarautobunn.

D'Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun ass virgesi mar de Mëtten um halwer dräi, iwwermar moies um néng Auer a mëttes um dräi Auer. D'Riedezäit ass nom Modell 6 festgeluecht. No den Ausféierunge vum Här Statsminister gëtt d'Sitzung fir e puer Minutten ënnerbrach.

Dir Dammen an Dir Häre, domadder géife mer dann deen éischte Punkt vun eisem Ordre du jour an Ugréff huelen. Ech ginn d'Wuert un de Statsminister Jean-Claude Juncker fir d'Lag vun der Natioun virzedroen. Här Statsminister, Dir hutt d'Wuert.

### 4. Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, net nëmmen d'Erklärung zur Lag vun der Natioun huet Traditioun, Traditioun huet och d'Reaktioun op d'Deklaratioun zur Lag vun der Natioun. Déi eng fanne se schwaach a fad, déi aner fanne se säfteg a kräfteg. Dat ass esou.

D'Erklärung zur Lag vum Land ass keng Erklärung vum Statsminister am eegenen Numm, eng perséinlech Aarbecht wuel, mä keng perséinlech Erklärung. Et ass eng Teamdeklaratioun, keen Egotrip, ausnahmsweis keen Egotrip. Et ass keng Répétitioun vun deem wat d'Ministeren an d'Deputéierten an deene leschten zwielef Méint heibannen an dobausse gesot a gemaach hunn, et ass eng Konzentratioun op d'Substanz vun deem wat ass an op d'Substanz vun deem wat kënnt. Dofir gëtt och net alles ugeschwat. Wien alles uschwätzt, deen huet herno näischt gesot. Awer och zu deem wat net ugesprach gëtt wär villes ze soen. Mä seet een zu allem eppes, da kënnt ee liicht an d'Schwätzen. Dofir hunn ech keng Zäit an dofir hutt Dir keng Gedold.

Egal wéi, et kënnt net esou séier op d'Soen un, obschonn d'Politik muss erkläert ginn, hir national an hir international Kontexter musse beienee geréckelt ginn. Et kënnt virun allem op d'Handelen un. Weises gëllt! A Weises huet och an deenen zwielef Méint gegollt, déi tëschent der Erklärung vum Mee vum leschte Joer an der Erklärung vun haut leien.

Vum Mee 2002 op de Mee 2003 huet Är Chamber, Här President, iwwer 100 Gesetzer gestëmmt. Sécher, net all Gesetz war gläichméisseg wichteg, mä richteg ass, dass och manner wichteg Gesetzer bei der administrativer Virbereedung a bei der parlamentarescher Nobereedung vill Méi a vill Zäit brauchen. An d'Chamber huet am leschte Joer keng Zäit verluer.

Datselwecht zielt iwwregens fir d'Regierung. Si huet zënter Mee 2002 iwwer 130 Gesetzesprojeten an der Chamber abruecht. Sécher, net all Projet rappt d'Leit vum Stull, mä richteg ass, dass d'Leit hei am Land besser sëtze wäerten, wann aus dëse Projete Gesetzer gi sinn. Déi Gesetzer, déi d'Chamber an deene leschten 48 Woche votéiert huet, hunn eis politesch a sozial virubruecht. Nodeem den 1. Januar 2002 d'Kannergeld ëm 1.000 Frang pro Kand eropgesat ginn ass, goufe Mindestloun, Mindestakommes, Renten a Pensiounen ëm 3,5% erhéicht.

Nodeem déi strukturell Verbesserunge vun de Renten am Privatsecteur eng décidéiert Saach waren, gouf de Forfait d'éducation, déi sougenannten Erzéiungspauschal, vun 3.000 Frang de Mount agefouert. Déi Mammen, déi bis haut fir hir Erzéiungsaarbecht keng staatlech Unerkennung kritt hunn, kréien d'Pauschal réckwierkend op den 1. Juli 2002 ausbezuelt. D'Ausbezuelung leeft etappeweis, lues wéi ech héieren, un. Et ass och dat normal, well et si 37.500 Mammen, déi eng Demande gestallt hunn.

D'Gesetz huet d'Neiregelung vun der Invaliderent geregelt, huet d'Ausscheeden aus dem Beruffsliewe gekläert a gëtt falls noutwendeg no Bilan iwwerkuckt. Dat schéngt och noutwendeg. Zolidd steierlech Ënnerstëtzungsmooss-name fir de Wunnengsbau a verbessert Hëllefe ronderëm dëse sinn a Kraaft getrueden. D'Gesetzgebung iwwert d'Mindestakommes ass positiv revidéiert ginn, den Détachement vun den Arbeitnehmer nei gestalt ginn, d'Aarbechtszäit am Hôtellerie- a Restaurationssecteur geregelt ginn, d'Sécherheetsbestëmmunge bei de Geldtransporter verschäerft ginn an d'Zouloossungsbestëmmunge fir Transportfirme si méi restriktiv konditionéiert ginn.

D'Gehälter vun de Statsbeamte goufen ugepasst an hire Statut moderniséiert. Déi staatlech Ënnerstëtzung fir Weiderbildungskäschte fir Betriber ass op 14,5% vun den Investistitounsauslage geklomm. D'Kanner hunn Ombudsmänner an Ombudsfrae kritt. D'Situatioun vun de Chargé-decoursen am Primaire an am Préscolaire ass stabiliséiert ginn. Zwee Gesetzer hunn de Sekundaran den technesche Sekundarunterrecht esou wéi d'Inspektorat an der Primärschoul frësch ugestrach. D'Privatschoulgesetz gouf ugepasst. En zweet Gebai fir den technesche Sekundarunterrecht zu Esch an eng Annexe vum Lycée Technique du Centre zu Dummeldeng si parlamentaresch décidéiert. Den aachte Fënnefjoresprogramm fir de Sport ass votéiert ginn.

Infrastrukturell a strukturell, am breede Sënn vum Wuert, hu munch Gesetzer eis e Stéck weider bruecht. Zënter dem Summer hu mer e Gesetz iwwert déi véiert Extensioun vum Europäesche Geriichtshaff, iwwer eng Aérogare um Findel, iwwert den Etablissement public Belval-Ouest, iwwert de grousse Concertssall. Mir hu Gesetzer iwwert d'Rockhal op Belval, iwwert d'Restauratioun vun den Dräi Eechelen a vun der Festung.

D'Gesetzer iwwert d'Finanzéierung vun integréierten Zentre fir eeler Leit zu Iechternach, zu Mamer, zu Heeschdref an iwwert d'Ffleegeheimer zu Dikrech an zu Fréiseng stinn am Mémorial.

Zënter Mäerz 2003 leeft de siwente Fënnefjoresprogramm am Tourismus. Déi komparativ Publicitéit ass geregelt ginn, de Punkteführerschäin ass do, Handelsregëster, Kadaster, Arméiverwaltung si reforméiert, de Konsumenteschutz amélioréiert ginn an esou virun an esou weider.

Ech fügen derbäi, net fir komplett ze sinn, mä als Rappel, datt mer am Februar en neit Wahlgesetz kritt hunn, datt mer de Schutz vun den Date méi sécher gemaach an d'Repéréiere vun den Telekommunikatiounen erschwéiert hunn. D'Gesetz iwwert d'Marchés publics gëtt hoffentlech dës Woch gestëmmt.

Dësen onkompletten, mä awer impressionnante Reformkalenner, dës Reformleeschtung vun deene leschten zwielef Méint weist, dës Regierung huet am leschte Joer, wat se och maache muss, net nëmme géréiert, si huet konsequent regéiert. D'Majoritéit, déi dës Regierung stäipt, ass net agenäipt, mä hellwakreg.

Dat weist iwwregens och d'Reformagenda, déi d'Regierung der Chamber zënter der Erklärung vum leschte Joer zougeleet huet. Scho virum Mee d'lescht Joer hate mer e Gesetzesprojet iwwert d'Schafe vun engem Knoutermann, engem Médiateur, abruecht. Dëse Projet, un deem bis elo nach all Regierung sech d'Zänn ausgebass huet, muss an den nächste Wochen, no gudder parlamentarescher Viraarbecht, gestëmmt ginn. En ännert déi administrativ Relatiounen tëschent de Bierger an dem Stat, e schaaft Asproocherechter, mä e schäerft awer och d'Asiicht an déi administrativ Zwäng, déi et ganz dacks gëtt. Et ass kee Gesetz géint d'Beamten. Et ass e Gesetz fir e bessert an e méi verständnisvollt Matenee vu Verwaltung a Gesellschaft. Mir brauchen dat Gesetz.

Grad wéi mer och dat neit Pressegesetz brauchen, deem säin Dépôt schonn op de 5. Februar vum Joer 2002 zréckgeet. De Statsrot, esou gëtt eis gesot, gëtt geschwë säin Avis of. D'Chamber soll dat Gesetz grëndlech préifen, amendéiere wou et noutwendeg schéngt, mä et esou votéieren, datt et eppes bréngt. Et ass keng modern Demokratie, wann een de Meenungspluralismus mat obrigstaatlechem Denke vum 19. Jorhonnert begéint. Mir hunn en aalt an e veraalt Pressegesetz a mir brauchen en neit an eent dat an eis Zäit passt, e Gesetz dat d'Meenungsfräiheet net mat Suspensioun beleet, mä e Gesetz dat Meenungsvielfalt uerdnend begleet. Mir sollen der Press hir Rechter garantéieren, hir Flichte remémoréieren, fir datt se keen Eenzelne kënne laminéieren. Dat mécht eise Projet a mir wiere frou wann Der e séier zum Gesetz géift maachen.

Iwwer 130 Projeten, ech hunn et gesot, huet d'Regierung zënter Mee 2002 déposéiert. Si si vun ënnerschiddlecher Bedeitung, kënnen net alleguer opgezielt ginn, mä si sinn alleguer néideg.

Dat gëllt virun allem fir déi gesellschaftspolitesch Projeten. D'Neiregelung vum Numm vum Kand, Ofschafe vum Divorce pour fautes, Organisatioun vum Partenariat, fir deem seng steierlech Gläichbehandlung d'Regierung via Amendement de Benefiss vum Abattement extraprofessionell fir zwee beruffstäteg Partner wäert virschloen.

Dat gëllt fir de Gesetzesprojet iwwert de Schutz vun den Affer vu Verbriechen, déi méi Rechter solle kréien, well se méi Matgefill a méi Respekt verdéngen.

Dat ass wouer och fir de Projet iwwert d'Ariichtung vun engem Sécherheetstrakt fir Jugendlecher, déi fir sech selwer oder fir anerer eng Gefor sinn. Dat ass och wouer fir d'Reformprojeten iwwert d'Kollektivvertragswiesen, d'Solidarekonomie an d'Fleegeversécherung, där hir Finanzéierung mer iwwregens am Géigesaz zum Wirtschafts- a Sozialrot net no ënne korrigéiere wëllen, well mer der Meenung sinn, dass d'Fleegeufuerderunge klammen an dass mer déi Finanzreserve fir d'Zukunft brauchen.

Wichteg ass den Ausbau vum legislativen Arsenal géint d'Failliten. D'Gesetz iwwert den Droit d'établissement an d'Hëllefe fir de Mëttelstand, d'Ëmännerung vum Gesetz iwwert den elektroneschen Handel an d'Schafe vun der Uni Lëtzebuerg.

D'Kreatioun vum Waasserschutzamt, dem Gesetz iwwert d'nohalteg Entwécklung an der Gesetzgebung iwwert de rationalen Energieverbrauch an iwwert d'Produktioun vun erneierbaren Energië kënnt eng evident Prioritéit zou.

Den europäeschen Haftbefehl muss kommen, grad ewéi d'Gesetz géint den Terrorismus a seng Finanzéierung. En aneren, och schonn déposéierte Regierungsprojet suergt de Moment och haut fir vill kontrovers Gespréicher a fir eng Polemik, déi ouni Nuancen ass. Dat ass dat Gesetz iwwert den Hausfriddensbroch, zu Onrecht bekannt als Lex Greenpeace, zu Onrecht esou benannt. Well bei aller spontaner Sympathie fir d'Basisuleies vun dëser ONG, Greenpeace brauch keen eegent Gesetz, Greenpeace verdéngt keen eegent Gesetz a Greenpeace kritt och keen eegent Gesetz. Wourëms geet et bei dëser Initiativ? Et geet drëms de Concours vun zwou Fräiheetszonen esou ze organiséieren, datt se net mateneen an en onléisbare Konflikt geroden. D'Fräiheet fir ze demonstréieren, seng Meenung ze manifestéieren, ze streiken, seng kleng, seng grouss Suergen hefteg oder manner hefteg ze artikuléieren, ass ze respektéieren an ass ze garantéieren. D'Fräiheet vun aneren, besonnesch vun deenen, déi un engem Konflikt net bedeelegt sinn, d'Fräiheet fir normal ze existéieren, fir sech normal ze bewegen, fir normal ze schaffen, kann zwar marginal vum Exercice vun der éischter Fräiheetageschränkt ginn, awer net esou dass se substanzielle Schued ënnert dem Exercice vun der éischter Fräiheet leit.

De Stat ass Garant vum allgemengen Interesse. E muss all Fräiheete schützen, déi eng an déi aner. Dofir muss e senger staatspolitescher noutwendeger Handlungsfäegkeet déi richteg Instrumenter an d'Hand ginn, déi e mat Verstand a mat Gefill gutt doséiert asetze kann. De Stat kann net neutral, net handlungsonfäeg bleiwen, wann dem Duerfbäcker säi Geschäfts- a Produktiounslokal vu Leit besat gëtt, déi géint e Stau op der Autobunn demonstréieren an dofir de Bäcker net bake loossen. Wann d'Zilrichtung vum geplangte Gesetz stëmmt, nämlech d'Fräiheete mateneen an niewentenee liewen ze loossen, da fanne mer och zesummen e Wee fir fräiheetlech Zilkonflikter esou ze léisen, dass mer dës Zilrichtung net verfeelen.

D'Regierung huet keng Maulkuerfabsichten. Si wëllt net de permanenten oder och nëmmen de periodeschen demokrateschen Ausnahmezoustand. Si wëllt soss näischt wéi den demokrateschen Normalzoustand. Dat heescht déi tolerant Co-Applikatioun vun alle Grondfräiheeten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee sech d'Reformbilanz vun deene leschten zwielef Méint ukuckt, an ech hunn Iech d'Haaptrealisatiounen an Erënnerung geruff, a wann een d'Reformagenda vun den nächsten zwielef Méint virun Ae gesäit, an ech hunn Iech déi Haaptregierungspropositioune fir déi nächst zwielef Méint genannt, dann drängt sech eng Konklusioun op. Dës Regierung, dës Koalitioun an dës Majoritéit realiséieren hire Reformprogramm esou, dass se de Leeschtungsverglach mat fréiere Regierungen, Koalitiounen a Majoritéiten net ze fäerte brauchen.

D'Koalitiounsparteie stinn, wéi de Bilan weist, net um Ufank vun hire Gemeinsamkeeten a si sinn och net um Enn vun hire Gemeinsamkeeten ukomm, wéi d'Agenda weist. Datt de Reformwëllen ongebrach ass, dee vun der Regierung, dee vun der Majortéit, datt beleeën och d'Projeten iwwert d'Volleksinitiativ an de Referendum, esou wéi iwwert d'Reform vum Geheimdéngscht, déi ech haut déposéiert hunn.

D'CSV an d'DP hate sech an hirem Regierungsprogramm fir eng méi partizipativ Demokratie ausgeschwat. Dem ugekënnegten Ausbau vun de biergerleche Matsproocherechter gi mer am Gesetzesprojet iwwert d'Volleksinitiativ an de Referendum e konkreten Ausdrock.

Mir liewen an enger erwuessener Demokratie. Si huet all, oder bal all post-pubertär Reflexer verluer. Si ass räif ginn, mä si behält Defiziter. Déi Defiziter sinn net esou grouss, wéi vill Gesellschaftskritiker mengen. Mä si sinn och net esou kleng, wéi vill Politiker behaapten. Ee vun den demokrateschen Defiziter besteet doranner, datt an de Matsproochepausen tëschent zwou Chamberswahlen d'Leit, d'Bierger d'Gefill hunn, et géifen zwar zukunftsbestëmmend Décisiounen, déi an hirem Numm geholl ginn, mä zu deene géife si awer net gehéiert ginn, geschweigs da géife se zu deenen nogelauschtert kréien.

D'representativ Demokratie, déi an där d'Parlament fir déi décidéiert, déi d'Parlament gewielt hunn, gehéiert trotz Kritik net zum alen Eisen. Si bleift eng Décisiounsfabrik an e Gestiounsstellwierk, déi een net liichtfäerdeg ofschreiwe sollt, esou wéi een eppes ofschreift well et manner Wäert kritt huet. D'representativ Demokratie huet Wäert a si gëtt och net ofgeschaaft, mä mir menge si bräicht vun Zäit zu Zäit, wa se viru grousse Kräizunge steet, de Korrektiv vun der direkter Wuertmeldung duerch de Volkssouverän.

D'Regierung mécht duerfir dräi Virschléi. Mir proposéieren éischtens d'Aféierung vun enger legislativer Volleksinitiativ. Wann 10.000 ageschriwwe Wieler der Chamber eng schlësselfäerdeg Gesetzespropositioun an engem Beräich, dee sech zum légiféréieren eegent, zouleeden, da muss d'Parlament iwwert dës Gesetzespropositioun am Kader vun der normaler legislativer Prozedur ofstëmmen.

Hëlt d'Chamber dës Propositioun un, da gëtt aus hir e Gesetz. Refuséiert d'Chamber dës Propositioun an éischter Lecture, da kënne 25.000 ageschriwwe Wieler e Referendum iwwert déi ofgeleente Propositioun froen. Dëse Referendum ass konsultativ, mä et schéngt mer kloer, datt d'Parlament an engem zweete Vote den éischte Vote net bestätege kann, wann d'Vollek d'Resultat vun der éischter parlamentarescher Décisioun ofgeleent huet.

Mir proposéieren zweetens an deem Kontext deem Referendum, deen eis Constitutioun haut schonn an hirem Artikel 51 Paragraph 7 virgesäit, Fleesch op d'Schanken ze ginn. Wann 2/3 vun den Deputéierten décidéieren iwwert e Projet de loi zousätzlech och nach e Referendum ofzehalen, dat zielt och fir international Verträg, oder d'Vollek iwwert eng Fro vun allgemengem Interessi ze befroen, da muss d'Regierung innerhalb vu sechs Méint e Referendum organiséieren, deem säi Resultat d'Chamber zwar net juristesch bënnt, mä deem säi Resultat d'Chamber awer ouni all Zweifel politescht abënnt.

A mir proposéieren drëttens d'Aféierung vun der Méiglechkeet vum Verfassungsreferendum. Wann d'Chamber een oder méi Verfassungsartikelen ofännert oder der Constitutioun nei Verfassungsartikele bäisetzt, da kënnen ? vun den Deputéierten oder awer 25.000 ageschriwwe Wieler dozou e Referendum froen. Wann d'Vollek iwwer e Referendum nee seet zu enger Verfassungsännerung, da kann dës net a Kraaft trieden. De Verfassungsreferendum ass a sengem negative Resultat fir jiddfereen obligatoresch.

Dës Virschléi fir sech betruecht si keng Revolutioun. Et gëtt se esou oder ähnlech a 50 anere Länner. Et geet een nämlech kee Risiko an, wann een d'Vollek eescht hëlt. Mir hu jo net d'Vollek gewielt, d'Vollek huet eis gewielt. D'Vollek kennt eis a mir kennen d'Vollek, well mir kommen aus senger Mëtt an duerfir wësse mer d'Vollek hätt ganz gären, dass mer eis Aarbecht géinge selwer maachen an Décisiounen huelen. Et wëllt tëschent de Wahlen net mat all Fro befaasst ginn iwwert déi mer heibanne streiden an op déi mer eis herno net gëeenegt kréien.

Et hätt gären, dass mer eis iwwert eis Kontroversen ënnerhalen an iwwert eis Meenungsverschiddenheeten ofstëmmen, anstatt datt eenzel Deeler dem Vollek nolafen. Wien dem Vollek noleeft, dee gesäit et jo och nëmme vun hannen, mä wann d'Vollek sech ëmdréint an eis an d'Gesiicht wëllt kucken, dann däerfe mer deem Bléck net ausweechen. De Referendum ass kee Spillgezei fir Demagogen a fir Populisten. Et ass en Instrument, dat a grousse Momenter dem Rendez-vous mam Vollek seng souverän Gréisst gëtt.

An och d'Reform vum Geheimdéngscht, wéi de Geheimdéngscht eigentlech selwer, hu villes mam Vollek a villes mat senger Souveränitéit ze dinn. D'Gesetz iwwert de Geheimdéngscht ass iwwer 40 Joer al, et datéiert aus dem Joer 1960. Et muss reforméiert ginn. Et hätt iwwregens scho laang misse reforméiert ginn. Dass et trotz guddem Virsaz an deene leschten zwee Joer dozou net komm ass, dat ass meng Schold. Schold dorunner sinn och tragesch international Evénementer, Stéchwuert 11. September, déi eis méi grondleeënd Froen opginn, wéi brauchbar an operationell Äntwerte geliwwert hunn.

Ech wéilt Iech, ier ech Iech soe wat mer mengen Iech virschloen ze kënnen, en Aveu maachen: Ech hunn esou laang wéi ech politesch denke kann, dat ass méi oder manner laang, jee nodeem wéi een dat gesäit, de Geheimdéngschter ëmmer gréisste Méfiance entgéintbruecht. Oppen Demokratien, ausgewuesse Gesellschaften, duerchsiichteg an transparent strukturéiert Ensemblë brauchen, esou hunn ech mer gesot, keng Geheimdéngschter. Alles ass op, alles ass zougänglech, näischt brauch geheim a verdeckt ze sinn, dat war ëmmer meng Meenung. Besonnesch am Lëtzebuerger Kontext ass déi Meenung mer wéi eng Gewëssheet virkomm. Ech hunn heiheem an am Ausland am eeschte Spaass heiansdo gesot: Déi Tatsaach, dass Lëtzebuerg e Geheimdéngscht hätt, géif beweisen, dass keen e Geheimdéngscht brauch.

Ech muss soen, dass ech mech gëiert hunn. Zënter dem 20. Januar 1995, deem Dag wou ech Statsminister gi sinn, weess ech, dass mer och hei zu Lëtzebuerg e Geheimdéngscht brauchen. Mir brauchen en, net well eis Sécherheet a Gefor wier, si ass dat definitiv net, mä well eis Sécherheet bedrot gëtt a si gëtt dat definitiv. Si gëtt bedrot vun Eenzelnen, si gëtt bedrot vu Gruppen, vu momentane Konstruktioune vu stramm forméierten Organisatiounen. Fir datt déi Bedroung net zur Gefor gëtt, fir dass Lëtzebuerg net e wäisse Fleck an der internationaler Ofwierkette virun allem géint den Terrorismus gëtt, duerfir brauche mer e Geheimdéngscht. A well mer ee brauchen, brauche mer e performanten, e contrôlablen an e kontrolléierte Geheimdéngscht.

D'Performancen, d'Leeschtungsfäegkeet vum Geheimdéngscht wëlle mer duerch Prezisioune vu sengem Aktivitéitsperimeter sécherstellen. E gëtt zoustänneg, wat en eigentlech ëmmer war, fir d'Spionageofwier, fir de Kampf géint den Terrorismus a fir d'Lutte géint d'Verbreedung vun den net konventionelle Waffesystemer a vun deenen Technologien, déi domat zesummenhänken. E gëtt zoustänneg fir de Kampf géint dat organiséiert Verbriechen, awer nëmmen esou wäit wéi et mat deene virdru genannten Aufgaben ze dinn huet.

Prinzipiell ass a bleift d'Polizei fir de Kampf géint dat organiséiert Verbriechen zoustänneg. Mä de Geheimdéngscht kann - fir mech iwwregens erkennbar - net aus deem Kampf géint dat organiséiert Verbriechen ausgespaart ginn, well virun allem den Terrorismus an dem Terrorismus seng Finanzéierungsstréng sech ganz dacks de Paltong vum organiséierte Verbriechen undinn. Ganz allgemeng bleift de Geheimdéngscht zoustänneg fir d'Sécherheet hei zu Lëtzebuerg.

Fir seng Aarbecht kënne korrekt ze maachen, muss e mat der Polizei zesummeschaffen. Méi a besser. Dat neit Gesetz wäert dës nei Kooperatioun regelen. Fir effikass ze sinn, brauch en Zougang zu verschiddenen Datebanken, d'Gesetz zielt se limitativ op.

De Geheimdéngscht kann nëmmen da Wichteges gewuer ginn, wann e seng Informanten, seng Quelle schützt. D'Gesetz wäert klären wéi dat ze geschéien huet. De Schutz vun der Quell muss zolidd sinn, en däerf awer net an alle Fäll absolut sinn.

De Geheimdéngscht brauch natierlech och e Budget, mä dee Budget däerf net esou transparent sinn, dass déi géint déi mer eis wieren am Mémorial kënne liese wéi mer eis géint se wieren.

De Geheimdéngscht, fir demokratesch crédibel ze sinn an demokratesch fiabel ze bleiwen, däerf net nëmmen der Autoritéit an der Kontroll vum Statsminister ënnerstoen, e Statsminister deen aus internationale Verflechtungs- an nationale Responsabilitéitsgrënn eleng fir en zoustänneg bleiwe muss. E muss och ënner parlamentaresch Kontroll kommen.

D'Regierung schléit d'Bestellung vun enger parlamentarescher Kontrollkommissioun vir, déi aus de Presidente vun de Chamberfraktioune besteet. Den Direkter vum Geheimdéngscht informéiert dës Kontrollkommissioun iwwert déi allgemeng Aktivitéite vu sengem Service, grad wéi iwwert d'Zesummenaarbecht mat den auslänneschen Noriichtendéngschter. D'Fraktiounspresidente kréien Zougang zu alle geheimdéngschtlech relevanten Informatiounen a Piècen, mat Ausnahm vun deenen, deenen hir Révélatioun Informatiounsquellen a Gefor, heiansdo a Liewensgefor géif bréngen.

Si kënnen d'Mataarbechter vum Geheimdéngscht zu all Moment an zu all Dossier héieren a befroen. Si kënne sech bei hirer Kontrollaarbecht vun Expären assistéiere loossen a maachen dem Parlament all Joer e Rapport an deem si hir Bemierkungen an hir Recommandatiounen zu der Aarbecht vum Déngscht presentéiere kënnen. De Statsminister ka si hir Meenung froen zum allgemenge Fonctionnement vum Déngscht an zu der Aart a Weis wéi dëse schafft. All sechs Méint ginn d'Fraktiounspresidenten iwwert den Detail vun den Télefonsiwwerwaachungen informéiert,

déi de Statsminister ugëuerdnet huet.

Zu dësem parlamentaresche Kontrollsystem gehéiert zwéngend awer och d'Dispositioun, dass op Geheimnisverrot duerch e Member vun der parlamentarescher Kontrollkommissioun Prisongsstrofen tëscht sechs Méint a fënnef Joer stinn. Dës Perspektiv lauert och op de Statsminister, wann hien net de Mond hält.

D'Artikele vum Code pénal iwwert d'Télefonsiwwerwaachungen, déi de Statsminister unuerdne kann, eng Fro mat där mer eis laang beschäftegt hunn, gëtt nëmme liicht geännert. De Statsminister muss, ier en Télefonsiwwerwaachungen autoriséiert, wéi bis elo den Assentiment vun enger Kommissioun vun dräi héije Magistraten hunn, dem President vun der Cour supérieure de la Justice, dem President vun der Cour administrative an dem President vum Tribunal d'arrondissement vu Lëtzebuerg an net méi vum President vun der Cour des Comptes. Télefone kënnen nëmmen ofgelauschtert ginn, wann déi extern Sécherheet vum Stat a Gefor ass. D'Télefonsiwwerwaachunge ginn also net méi breet. Si bleiwe cibléiert wéi se et bis elo waren.

Mat dëser Reform, esou hoffe mer, huele mer de Geheimdéngscht aus dem Däischteren eraus, mä mir stellen en net an dat grellt Dageslicht. E gëtt méi transparent, e gëtt parlamentaresch kontrolléiert, mä e bleift geheim. An e muss och geheim bleiwen, well d'Sécherheet vun eisem Land an déi vun eise Partner verlaangt dat esou.

A well ech, Här President, bei der Sécherheet sinn, wëll ech nach ee Moment bei der Sécherheet bleiwen. Méi prezis bei der öffentlecher Sécherheet. Eis Polizei war an deene leschte Wochen a Méint um Plang vun der öffentlecher Sécherheet méi wéi eemol zolidd gefuerdert. Hiren Asaz bei der Perquisitioun an den islamesche Milieu huet kritesch Wuertmeldungen an der Öffentlechkeet ausgeléist. Dës Perquisitiounen, déi vum Untersuchungsriichter - net vun der Regierung - ordonnéiert goufen, waren noutwendeg fir eng Bedroung ze neutraliséieren, déi um Wee war eng reell Gefor fir eis ze ginn.

An dësem Geforekontext, an dës Gefore virun Aen, huet d'Polizei hir Aktioun misse virhuelen. Nëmme wann een d'Gefor kennt déi et gegollt huet auszeschalten, versteet ee firwat datt fir Asazmethoden huet missen optéiert ginn, déi an eisem Land aussergewéinlech sinn.

Datselwecht war de Fall bei den Arcelor-Demonstratiounen. Datt déi Lécker Stolaarbechter sech géint Stolofbaupläng an hirer Géigend wieren, an dat zu Lëtzebuerg maachen, do ass de Sëtz vun der Arcelor, dat ass déi selbstverständlechst Saach vun der Welt; wäre mer an hirer Plaz gewiescht, dann hätte mer genau datselwecht gemaach. Mä dat ass awer nach laang keng Ursaach, fir datt organiséiert Bande vu Kläpper a Casseuren ongehënnert hiert Onwiesen op Lëtzebuerger Plazen, op de Lëtzebuerger Stroosse kënnen dreiwen. Lëtzebuerg gëtt keen Treffpunkt vu Krawalltouristen.

Wa mat Gewalt gedrot gëtt, wann ee Gewaltbereetschaft mat am Demontratiounsgepäck huet, a wann ee Gewalt och asetzt, dann däerf ee sech net wonneren, a sech iwwregens och net driwwer bekloen, datt d'Polizei duerchgräift. Si huet hir Pflicht gemaach a si huet hir schwéier Aarbecht gutt gemaach. Fir dat wat hir u Feeler ënnerlaf ass, huet se sech entschëllegt - sou eppes mécht d'Polizei ganz selten, an am Ausland ass nach kee Fall bekannt, wou si et regelméisseg géif maachen. Fir dat wat se awer gutt gemaach huet, verdéngt se eis Unerkennung an eise Luef; mäi Luef huet se op jidde Fall kritt. Anstatt systematesch iwwert d'Police hierzefalen, wär et gutt sech emol systematesch an d'Haut vun engem Polizist ze versetzen, dee riskéiert zum Krëppel geschloen ze ginn, just well e seng Aarbecht mécht.

Iwwerhaapt ass mer ronderëm déi Arcelor-Virfäll opgefall, datt wann et eescht gëtt, eis Debatten eng Tendenz hunn, regelrecht ze verflaachen. Datt eise Gewerkschaften, a besonnesch ee vun eise Gewerkschaftspresidenten, Verrot un der Aarbechterklass, Solidaritéit mam Grousskapital statt mat Salariat ënnerstallt ginn, nëmme well se net un enger als gewalttäteg ugkënnegter Manifestatioun wollt deelhuelen, dat ass eigentlech e staarkt Stéck. Ech hat op jidde Fall vill Verständnis fir d'Absence vun de Gewerkschaften, well hir Presenz hätt der Gewerkschaftsbewegung zu Lëtzebuerg geschuet. An dofir hate se Recht mat hirer Décisioun fir net matzemaachen, an ech weess datt déi hir net liicht gefall ass.

Déi Evénementer, Här President, vun deenen ech schwätzen, Perquisitiounen, Demonstratiounen, déi inspiréiere mer zwou Remarken. D'Perquisitiounen an islamesche Kreeser däerfen zu kengem falschen Androck, zu kengem falsche Gefill féieren. D'islamesch Communautéit zu Lëtzebuerg stellt keng Gefor fir eis duer. D'Gefor geet aus vun Extremisten a vu Fanatiker, déi musse mer neutraliséieren. Eis islamesch Matbierger awer, déi musse mer integréieren. Dofir musse si sech och esou forméieren, datt mer iwwert d'Konventionéiere vun hire Glawensgemeinschafte kënnen négociéieren.

D'Arcelor-Manifestatiounen hu gewisen, datt eis Polizei, bei gewëssen Asätz, un hir Grenze stéisst. Dat ass wouer fir d'Zuel vun den asazfäege Leit, dat ass richteg fir d'Equipementer déi ganz dacks net adequat sinn, an no deenen zwee Punkte ginn eis Verbesserungsustrengunge selbstverständlech virun.

Awer mer brauchen och ee gutt duerchduecht a schlëssegt Sécherheetskonzept fir sou grouss Demonstratiounen. Ee Sécherheetskonzept dat flexibel reagéiere kann, an dat zivil a polizeilech Psychologie an Aktiounsstrategien op eng Rei bréngt.

Ech hunn den éischte Commissaire-Divisionnaire Claude Waltzing, en erfuerene Polizeioffizéier vun deem mer wësse wat e kann, beoptraagt, sou ee Sécherheetskonzept auszeschaffen. Hie soll der Regierung Propositiounen iwwer eng besser Zesummenaarbecht vu Polizei, Douane an Arméi bei der Oprechterhalung vun der öffentlecher Uerdnung maachen. Et ass evident, fir mech evident, fir déi zoustänneg Ministeren evident, fir d'Regierung evident, datt d'Arméi bei der Oprechterhalung vun der öffentlecher Uerdnung net an déi éischt Rei gehéiert, emol net an déi zweet. Den Här Waltzing élaboréiert och ee Sécherheetskonzept an Optrag vun der Ausseministesch fir déi Lëtzebuerger EU-Presidentschaft 2005 - EU-Presidentschaft bei där mer jo allerlee Besuch aus ville Länner wäerte kréien.

Den Här Waltzing, dee läit am Spidol, en ass e Samsdeg, en marge vun der Visite vum Bundeskanzler, bei engem Asaz schwéier blesséiert ginn. Ech wënschen him vun hei aus all Guddes an hoffen datt e geschwënn erëm ass, fir sech där Aarbecht kënnen unzehuelen. Grad wéi ech och hei emol eng Kéier zum Ausdrock wëll bréngen, de Merci vun der Regierung, ech denken och vum Parlament, fir alleguerten déi Polizisten, Giischtercher an anerer, déi fir d'Sécherheet zoustänneg sinn an déi eng geféierlech Aarbecht maachen, wourunner mer net ëmmer denken, wa mer iwwer se schwätzen.

Wee Police seet, Här President, dee seet och Justiz. Mir hunn am Kader vum Budget 2003 d'Police judiciaire ëm 20 Unitéite verstäerkt, fir d'Instructiounsdélaie kënnen ze verkierzen. Am September 2003 kommen zwee Untersuchungsriichtere bäi, grad wéi och nach eng Kéier am September 2004. Domat wäert d'Zuel vun den Untersuchungsriichtere vun 1999 op d'Joer 2004 verduebelt ginn.

D'Gesetz iwwert d'Justizorganisatioun gëtt ëmgeännert, et gëtt esou ëmgeännert fir datt och d'Magistrate mat enger gewëssener Erfahrung kënnen Untersuchungsriichter ginn, an dat geet nëmme wa mer eenzel Untersuchungsriichter dann och hierarchesch méi héich aklasséieren, wéi dat haut de Fall ass.

Mir hu vir, nom Modell vun eisen Nopeschlänner, besonnesch Däitschland, eng Gesetzgebung iwwer eng DNA-Analysendatei op d'Been ze bréngen. Si gëtt ee wichtegt Instrument zur Opklärung an zur Verhënnerung vu schroe Verbriechen, well se zu enger zweifelsfräier Täterermëttelung, national a grenziwwerschreidend, féiert. Kee Mäerder, kee Sexualverbriecher, kee schwéiere Kriminellen ass virun de Spuren, déi en hannerléisst, méi sécher. Och nach no Joren no der Dot kann en opgrond vun engem eenzelnen Hoer oder vun enger Hautpartikel iwwerfouert ginn. Dat steigert d'Opklärungsquoten, dat verhënnert zukünfteg Verbriechen.

Här President, déi lescht zwielef Méint, déi waren net nëmme gutt gefëllt mat wichtege Gesetzer déi komm sinn, a mat Propositiounen déi zu wichtege Gesetzer wäerte féieren, si waren och dicht besat mat éischter däischtere Wolleken um Konjunkturhimmel. An déi däischter Wolleken, déi wäerte sech net sou séier verzéien, wéi mer dat gären hätten.

Enn leschter Woch huet den Eurostat nüchternd festgestallt, datt de Wirtschaftswuesstum am éischten Trimester vun dësem Joer an Europa un d'Stoe komm ass. Europa befënnt sech an der Stagnatioun, Däitschland, Italien, Holland a Portugal an der Rezessioun. Keng Regierung, keng däitsch, keng belsch och keng lëtzebuergesch hat dat esou virausgesinn. Och keng international Organisatioun, weder de Weltwährungsfong, nach d'OECD, nach d'europäesch Kommissioun an och kee Wirtschaftsinstitut.

Mir haten hei zu Lëtzebuerg am Joer 2001 eng Croissance vun 1,2% vun eisem PIB an am Joer 2002, laut leschten Aschätzunge vum Statec, dat ka sech nach änneren, ee Wuesstem vun 1,1%. Fir dëst Joer 2003 gi mer vun engem Wuesstem vun 1 bis 1,5% aus. Dat heescht mir waren net, a mir sinn net, an der Rezessioun. Dat heescht och mir stiechen net an enger déiwer Wirtschaftskris, mä eppes muss een awer däitlech gesinn, et kriselt zu Lëtzebuerg, zwar manner wéi bei eisem Noper.

Et ass falsch ze behaapten - wéi eenzelner dat maachen -, mir wären d'Schlussliicht an Europa, dat si mer net. Mä mir sinn awer och net méi dat Glanzliicht, dat mer laang waren.

An de Joren 1997 bis 2000 si mer nach 8% gewuess, d'lescht Joer a virzejoert nëmmen 1,1 an 1,2%. Fir d'lescht hate mer sou e schwache Wirtschaftswuesstum 1995, nämlech genau 1,3%, bal d'selwecht wéi elo.

Niewebäi bemierkt, de Lëtzebuerger Wirtschaftminister, deen huet 1995 net Henri Grethen geheescht, mä den Henri Grethen huet 1995 och net gesot, den deemolege Wirtschaftsminister wär un dëser Entwécklung Schold gewiescht. Da wëll ech dem fréiere Wirtschaftminister soen: Bescheidenheit ist eine Zier, doch weiter kommt man ohne ihr.

Trotz dem konjunkturelle Réckgang an trotz ongënschtegen europäesche Perspektiven hu mer zu Lëtzebuerg kee Grond fir de Kapp hänken ze loossen. Mä mir däerfen och net Gottes Wasser iwwer Gottes Land lafe loossen, mir mussen eis ustrengen a mir bréngen och eppes fäerdeg wa mer eis ustrengen.

Mir mussen eis op eis Stäerkte besënnen, a mir hunn och Stäerkte mat deene mer kënne poweren. Mir si wäit dovun ewech, an een naiven an ee verdreemten Optimismus ze verfalen. An een Optimismus dee blann wär, fir déi méi schwiereg Stréckenofschnëtter, déi elo virun eis leien, mä ech weess mir kommen iwwert d'Distanz. Net problemlos, mä mir komme gutt iwwert d'Distanz. Mir stinn net virum Marsch duerch eng laang Wüst, mä dat wat op eis waart ass awer och méi wéi e séiere Sprong iwwer eng kleng Sandkëscht. Mir hu vill Problemer scho geléist an anerer mussen déi Problemer nach léisen. A mir hunn Trëmp an der Hand, déi déi aner nach mussen an hir Hänn kréien.

Eisen Haapttromp, dee mer an der Hand hunn, dat ass deen dass mer wëssen, dass mer net zu dacks sinn an aus deem Wëssen dass et trotz der Prachtexemplarheet vun de Lëtzebuerger et der net vill dovu gëtt, dee féiert och dozou dass mer wëssen, dass mer eis Kräften net däerfe verzettelen. Mir si konsensfäeg bliwwen, och a schwieregste Froen.

Wéi ech viru manner wéi engem Joer d'Méiglechkeet vun engem reduzéierte Wirtschaftswuesstum, engem vun ënner 4%, opmierksam gemaach hunn, wéi ech iwwert de 700.000-Awunner-Stat heibannen an op anere Plaze geschwat hunn, sinn ech Schëmmel a Bless vernannt ginn, wéi ech d'Interrelatioun tëschent Wirtschaftswuesstum an der mëttel- a laangfristeger Finanzéierung vun eise Renten a Pensiounen opgewisen hunn. Dofir sinn ech frou am Avis vum Wirtschafts- a Sozialrot - do schreiwen d'Gewerkschaften an do schreiwen d'Patronatsorganisatiounen - ze liesen, datt een dem considérabelen Impakt, deen enger unhalender diminuéierter Croissance op d'Renten an op d'Pensiounen an hirer Finanzéierung misst Rechnung droen. An ech war frou an engem Interview ze liesen, dass führend Oppositiounsdeputéierte mengen, eisem Renten- a Pensiounssystem géif déi richteg Nohaltegkeet feelen an dat misst nogebessert ginn. Ech sinn dofir frou datt jiddereen, ech kenne keen deen dat net seet, 2006 zu Renten- a Pensiounskorrekturen ausserhalb vun deene klenge Rente bereet wier, wann een ënnerschiddleche Wuesstumssprong an deenen nächste Joren, wéi an deene leschte Joren, ze constatéiere wier. Domadder ass sécher gestallt, dass mer d'accord sinn ofzebremsen, ier mer an d'Mauer rennen. Dir wësst vu wat fir enger dass ech schwätzen.

En aneren Haapttromp dee mer hunn, dat ass eis gesond Finanzsituatioun. Dës Tromp kënne mer elo ausspillen an dës Tromp musse mer och elo ausspillen. Mir kënnen a mir musse se grad elo ausspillen, mä mir mussen dat mat roueger Hand maachen. An engem Moment wou d'Wirtschaft an Europa stoe bleift oder esouguer zréckgeet, ass Lëtzebuerg dat eenzegt Land deem seng Statsfinanzen an der Rei sinn. Et gëtt der hei am Land déi d'Situatioun vun de Statsfinanze schlechtrieden a schlechtschreiwen. Am europäeschen Ausland gëtt et der méi déi ganz gären an eiser Plaz wieren. Eis Finanzsituatioun ass gutt, mä mir däerfe keng Dommheete maachen, soss ass se geschwënn zwar net schlecht, mä awer net méi gutt genuch, fir dass mer souverän a bestëmmt kënnen handelen. Mir hu weder dëst Joer, nach d'nächst Joer fir de Budget 2004 Raum a Plaz fir extra Wënsch a fir exorbitant Fuerderungen. Mir kënnen an de Joren 2004 an 2005 nëmmen dat wëlle wat mer mëttelfristeg wierklech brauchen. Mir kënnen net dat wëlle wat mer kuerzfristeg gären hätten, nëmme well et schéi wier, fir et direkt ze hunn.

Dir kënnt dem Wieler fir d'Joer 2004 an déi Joren duerno versprieche wat Der wëllt. Si gleewen lech et oder si gleewen lech et hoffentlech net. Mä an de Budget 2004 komme keng Extravaganze stoen, keng luxuriéis Petitessen, déi am Ufank no näischt ausgesinn an déi herno ganz deier sinn. Et gëtt virun de Wahle keng Knippercher a keng Korinthen. Et gëtt schwaarze Schokola an heiansdo haart Brout. Dat haart Brout gëtt net esou haart, dass d'Leit sech Zänn drun ausbäissen, mä dat Brout, wat mer fir 2004 baken, soll laang halen, fir dass mer nach laang eppes z'iessen hunn.

Ech hu gesot eis Finanzsituatioun, eis Finanzlag wier gutt. Dir musst lech iwwert dës Ausso eigentlech wonneren, well Dir hutt an deene leschte Méint dacks héieren a gelies, eis Statsfinanze géife bei der Däiwel goen. Mä mir sinn net an der Finanzhäll ukomm. Mä wann et ëm d'Finanze geet, da si mer awer och net méi am siwenten Himmel. Firwat si mer net an der Finanzhäll ukomm? Ganz einfach, well déi richteg Politik gemaach ginn ass, elo a virdrun. Mir hu loin de là net alles richteg gemaach. Mä mir hu Kurs gehalen, an d'Sozialpartner, d'Patronen, d'Gewerkschaften hunn eis dat an e puer Sitzunge vun der Tripartite zënter November vum leschte Joer, am Mee vun dësem Joer eindrucksvoll ëmmer erëm confirméiert.

A wat fir enger Situatioun sinn eis Statsfinanzen? E Bléck op de Budgetsofschloss vum Joer 2002 renseignéiert eis doriwwer. Ech muss zouginn, mir hunn 2002 2,4% méi Suen ausgi wéi mer der am Hierscht 2001 virgesinn haten auszeginn. Mä de Budgetsminister huet déi Dépensen nëmmen autoriséiert, well se ekonomesch sozial an infrastrukturell Sënn gemaach hunn. De Wirtschaftsminister, deem seng Lethargie vun Deeler vun der Oppositioun zu Onrecht beklot gëtt, ech mierken näischt dovun, an d'Ausseministesch, déi net nëmme fir Aussepolitik mä och fir Aussewirtschaft zoustänneg ass, hunn den exportorientéierte Betriber 13,4 Milliioune méi Finanzéierungshëllefen zur Verfügung gestallt, fir datt se hir al Mäert behalen hunn a fir dass se nei Mäert kritt hunn. Hätte se dat net gemaach an hätt de Budgetsminister dës Gelder blockéiert, dann hätt de Wirtschaftswuesstum sech nach méi kontraktéiert.

31,5 Milliounen Euro, ronn 1,3 Milliarde Lëtzebuerger Frang, sinn direkt oder indirekt méi un d'Eisebunn gefloss. Hätt den Transportminister dës Gelder net mobiliséiert, ech wette mat lech, da wier op der Bunn gestreikt ginn.

Mir hu 76 Milliounen Euro, dat heescht fir 3 Milliarde Lëtzebuerger Frang Gebaier fir de Stat, fir seng direkt a fir seng indirekt Leeschtungsdréier kaaft. An engem Privatbetrib nennt een dat Verbreedung vum Aktiv, beim Stat heescht dat Mehrausgaben. Jo, et sinn der, Mehrausgaben, mä de Stat ass doduerch méi räich a méi staark ginn.

Mir hunn eise Gemenge 16 Milliounen Euro méi iwwerwisen, haaptsächlech fir d'Gehälter vun den Enseignanten. Dës 645 Milliounen hätt de Stat no Gesetzesännerung kënnen halen. Dann hätten d'Gemenge se manner gehat.

Déi aner Mehrausgaben, mat Ausnahm vun de supplementaren 22 Milliounen Euro fir de Sportsfong, resultéieren aus der Applikatioun vun der Sozialgesetzgebung, plus 19,5 Milliioune fir d'Babyjoren, plus 14,5 Milliounen Euro fir d'Fleegeversécherung. Wa mer se hätte wëllen aspueren, hätte mer d'Gesetzer missten esou änneren, dass net de Stat géif bezuelen, mä d'Betriber an d'Leit. Wien domat aver-

stane gewiescht wier, ka sech herno beim Greffe mellen.

Alles an allem: Déi 2,4%, déi mer méi ausginn hunn, waren ekonomesch, sozial, infrastrukturell a patrimoinesméisseg absolut gerechtfäerdegt. Mä obscho mer déi Mehrausgaben haten, schléisst de Statsbudget fir d'Joer 2002 mat engem Excédent, mat engem Boni of. Viru Méint nach ass den Abroch vun de Statsfinanzen eis mat wëssenschaftlecher Prezisioun, chiffres à l'appui, virausgesot ginn. Tatsaach ass, mir hunn 3,6% méi Recettë kritt, insgesamt 223 Milliounen Euro oder awer 9 Milliarde Lëtzebuerger Frang.

Wéi virausgeschat hu mer 228 Milliounen Euro manner un Abonnementstaxen, Enregistrementsrechter a Lounsteier ageholl. Mä mir hu 4,5 Milliarde Lëtzebuerger Frang, 113,5 Milliounen Euro méi u Kierperschaftssteier mobiliséiert wéi nach am November virausgesot, 30 Milliounen Euro méi TVA an 120 Milliounen Euro méi Verméigenssteier. An dësem Zesummespill vu Méiausgaben a vu méi Recetten ergëtt sech, datt mer de Budget 2002 mat engem Iwwerschoss vu 60 Milliounen Euro ofschléissen, 2,4 Milliarde Lëtzebuerger Frang.

Europa ass am Joer 2002 an den Defiziter ënnergaangen. Mir net, och net fir dat lafend Joer, well mer d'Statsausgaben ënner Kontroll an d'Statsfinanzen am Equiliber halen. Datt dat net einfach gëtt, wësse mer. Datt eis béis Iwwerraschunge kënnen oplaueren, dat wësse mer och an dat kënne mer net ausschléissen. D'Stagnatioun an d'Rezessioun ronderëm eis dreiwen e Gëft an eis Ekonomie, dat der Ekonomie hir Wuesstumskräfte selbstverständlech schwächt an eventuell ka lähmen. Mä bis elo, an deenen éischten dräi Méint vun dësem Joer, ass dat nach net geschitt. Jiddefalls hu mer näischt dovunner gemierkt an dem Geldfloss tëschent dem Land an dem Budget vum Stat.

Am Abrëll 2003 hate mer en Ausgabestand vun 1.624 Milliounen Euro erreecht. Dat si genau 26% vun deenen Ausgaben, déi mer fir d'Joer 2003 festgeluecht hunn. Gläichzäiteg hu mer 1.722 Milliounen Euro un Einnahme gehat. Dat sinn 134 Milliounen Euro méi wéi mer fir dat éischt Trimester 2003 gerechent haten. Op dëse gudden Zuelen allerdéngs kann een de Budget fir d'Joer 2004 net opbauen. D'Resultater, notamment vun de Banken, aus dem Joer 2002 loossen eis unhuelen, dass mer d'nächst Joer mat enger reduzéierter Kierperschaftssteier fir d'Joer selwer musse rechnen.

Zwee droend Elementer vun eiser Finanzstruktur hëllefen eis iwwert déi Enkpäss ewech. Déi nach ëmmer gutt gefëllte Reservdëppe beim Stat, déi eng öffentlech Investitiounstätegkeet op héijem Niveau erméiglechen. A kengem aneren EU-Land maachen d'öffentlech Investitiounen esou wéi bei eis méi wéi 3% vum Bruttoinlandprodukt aus, an déi niddreg Statsschold, déi eis Finanzéierungsspott gëtt, net fir passiv Konsumausgaben ze decken, mä fir aktiv Zukunftsinvestitiounen ze programméieren. A kengem aneren EU-Land maachen d'öffentlech Scholden esou wéi bei eis manner wéi 3% vum Bruttoinlandprodukt aus.

Déi europäesch Wirtschaftsperspektive sinn och dofir esou gro, well d'State méi Sue brauche fir d'Scholden aus der Vergaangenheet ze reduzéieren, wéi fir an d'Zukunft ze investéieren. D'Länner ronderëm eis mussen d'Lächer vu gëschter stoppen. Mir kënnen d'Ouverture vu muer forcéieren. Zanter 1998 huet de Lëtzebuerger Stat kee Su méi geléint. Mir hunn dat net wëlle maachen a mir hunn dat net musse maachen. Wann d'wirtschaftlech Gesamtsituatioun et verlaangt, wann d'Zukunftssécherung dat exigéiert, da kënne mer dat elo maachen. Een Deel vun deene méi groussen, wäit an d'Zukunft erareechenden Zukunftsinvestitioune kënne vun enger gutt doséierter Empruntspolitik begleet ginn. Dat zielt fir d'Investissementer um Kierchbierg. Hei trëtt dee komplett fäerdeg gestallten Erweiderungsdispositif an d'Exekutiounsphas. An dat zielt och fir d'Investissementer an den Industriebroochen. Hei ass déi avancéiert Konkretiséierungsetapp ugelaf.

Mir wäerten notamment och op Laangzäitprêtë vun der europäescher Investiounsbank zréckgräifen, d'europäesch Investitiounsbank, mat Sëtz zu Lëtzebuerg, déi och duerch hir Expertise am Technologie- an am Ëmweltberäich en optimale Partner vun zukünfteger Lëtzebuerger Investitiounspolitik wäert ginn.

Aner aktuell an aner zukünfteg Aufgabe musse mer viru klassesch finanzéieren. Dat gëllt zum Beispill fir d'Finanzéierung vun der Palliativmedezin a vun hirem Ausbau. D'Palliativmedezin ass net nëmmen eng Fro vu Geld, et ass virun allem eng Fro vum mënschlech qualitativ héichrangegen Ëmgang mam Liewensenn. Lëtzebuerg ass kee palliatiivt Niemandsland, mä et bleiwe geographesch an aner Defiziter ier d'Palliativmedezin e Recht fir all Mënsch hei am Land ginn ass. D'Palliativmedezin muss esou ausgebaut ginn, datt 440 Patienten d'Joer hospitaliséiert kënne ginn, 115 Persounen d'Joer an der Dageshospitalisatioun opgeholl kënne ginn a ronn 700 Leit doheem oder an enger spezialiséierter Pallitativklinik gefleegt a begleet kënne ginn.

Dat ass de Besoin, dee mer hunn, an d'Erfëllung vun deem Besoin ass eis Pflicht, an de Budget 2004 an déi zwee Budgeten duerno wäerten dëser Pflicht och integral nokomme mussen. Et muss investéiert ginn, et muss gebaut ginn an et muss bäigebaut ginn, d'Personalkäschte musse gedeckt an d'Formatioun vun den Dokteren a vum Personal muss lancéiert ginn.

Dës wéi och aner Missioune vum Stat ginn iwwert de Budget respektiv iwwert dësen oder deen Träger vun der Sécurité sociale finanzéiert. Aner Aufgaben, exklusiv am mëttel- an am laangfristegen Investitiounsberäich, kënnen eng partiell op Empruntë berouend gemëschte Finanzéierung kréien, mä eppes muss kloer sinn: Mir wäerten op kee Fall an eng systematesch Scholdewirtschaft eraklammen! D'Scholde vun haut sinn d'Steiere vu mar. Déi nächst Generatioune ginn duerch d'Finanzéierungszwäng vun de Renten- a vun de Pensiounsregimer souwisou scho staark belaascht, voire iwwerbelaascht. Doraus ergëtt sech, dass d'Finanzpolitik si net onméisseg méi belaaschten däerf wéi et ze vertrieden ass. Si, d'Finanzpolitik, däerf net décolléieren. Si muss mat zwee Féiss um Buedem bleiwen. Si muss nohalteg bleiwen.

Dir Dammen an Dir Häre, Här President, fir datt mer hei am Land vun der Plaz kommen, fir datt mer kuerzfristeg net stoe bleiwen a mëttelfristeg net ofrutschen, däerfe mer eis zwou Kaarten, déi mer an der Hand hunn, net aus de Fangere rutsche loossen. Dat sinn eis niddreg Steieren an dat sinn eis niddreg Soziallaaschten.

Mir hunn an de Joren 2001 an 2002 d'Steierlaascht zu Lëtzebuerg massiv erof gesat. D'steierlech Ufuerderungen un d'Privatpersoune sinn am Joer 2001 ëm zéng Milliarde Lëtzebuerger Frang an am Joer 2002 ëm weider 7,5 Milliarde Lëtzebuerger Frang reduzéiert ginn. Insgesamt hunn d'Privatleit am Joer 2002 17,5 Milliarde Lëtzebuerger Frang oder 433,8 Milliounen Euro manner Steiere bezuelt, wéi wa mer keng Steierreform gemaach hätten. Doduerch ass de Privatkonsum 1,3% am Joer 2001 a supplementar 0,75% am Joer 2002 geklomm an eleng duerch si wäert en am Joer 2003 nach eng Kéier ëm 0,5% klammen.

Dës Steierreduktioune fir Privatpersounen hunn an de Joren 2001, 2002 an 2003 eng Steigerung vun eisem Bruttoinlandsprodukt tëschent 0,1 an 0,3% zur Folleg gehat. Ouni si wier de Wirtschaftswuesstum, dee mer realiséiert hunn, bis zu engem Véirel méi niddreg gewiescht wéi mat hinnen.

Déi steierlech Pressioun op de Betriber ass am Joer 2002 ëm 16,3 Milliarde Lëtzebuerger Frang no ënne korrigéiert ginn, dat heescht erliichtert ginn. Hate mer 1999 nach no Däitschland, Frankräich, der Belsch a Portugal mat 32,2% duerchschnëttlecher steierlecher Belaaschtung eng vun den héchste Betribsbesteierungen an der Europäescher Unioun, esou hu mer am Joer 2003 mat ronn 30% nach just Finnland, Schweden an Irland am steierleche Kompetitivitéitsfeld virun eis leien.

Et ass ons gelongen, wat besonnesch wichteg ass, net nëmme fir d'Finanzplaz, mä grad fir d'Finanzplaz, eisen effektive Steierniveau ënnert de Steierniveau vu London ofzesenken. Insgesamt hunn d'Steiererliichterungen un d'Privatpersounen an un d'Betriber vun de Joren 2001 an 2002 3,51% vun eisem Bruttoinlandsprodukt ausgemaach.

All international Observateure si sech eens fir festzestellen, datt eis Steierreform de Wirtschaftswuesstum ënnerstëtzt an eis Finanzéquilibere mëttelfristeg net a Gefor bruecht huet. All ënnersträiche se: den internationale Währungsfong, d'Bréissler Kommissioun, déi 14 aner europäesch Finanzministeren, souguer d'OECD, datt eis Steierreform déi richteg Richtung ageschloen huet.

Si soen, datt mer ouni Steierreform manner Wuesstum hätten a si hiewen ervir, datt mer ouni Steierreform e Konsumabroch gehat hätten, deen de Wuesstum weider ofgebremst hätt. Si soen domat datselwecht wéi dat wat d'Gewerkschaften an d'Patronatsorganisatiounen der Lëtzebuerger Regierung zegutt schreiwen.

Dee gudde Positionnement vu Lëtzebuerg op der internationaler Steierskala erlaabt eis virun allem am Fall vun där fir d'zweet Hallefjoer 2003 schonn nees eng Kéier virausgesotener ekonomescher Reprise déi Lëtzebuerger Wuesstumschancen ze majoréieren. D'Bäibehale vun deem kompetitive Fiskalkader, dee mer zu Lëtzebuerg hunn, erzwéngt awer eng augmentéiert Reaktiounsfäegkeet fir d'Zukunft.

Fir eiser Reaktiounsfäegkeet déi virbereedend Sprongkraaft ze ginn, hu mer am Finanzministère e Groupe d'analyses fiscales ageriicht, dee sech aus Vertrieder vum Stat a vun der Privatwirtschaft zesummesetzt. Seng Aufgab besteet doranner d'Aféierung vun der Société européenne virzebereeden an all Opportunitéiten auszeliichten, déi d'Konklusioune vun der Adoptioun vun dem europäesche Code de conduite, wat d'Betribssteieren ubelaangt, zouzeloossen. An dësem Kontext wäert de Grupp sech besonnesch mat dem Regime vun de Koordinatiounszentre beschäftegen, dat allerdéngs a Conformitéit mat de Konklusioune vun der Europäescher Unioun a vun der OECD.

Mir ware frou an allen internationalen an a bal allen nationale Commentairen zur rezenter Steierreform Begeeschterung iwwert den Ausbau vum drëtte Pilier vun der Rentenversécherung ze liesen. Den drëtte Pilier, dat sinn d'Privatzousazversécherungen. Dës privat Zousazversécherungsméiglechkeet hu mer viru manner wéi engem Joer an Exekutioun vum Artikel 111bis vun eisem Steiergesetz duerch Règlement grand-ducal vum Juli 2002 a Kraaft gesat. Den 1. Mee hu mer festgestallt, wéi mer gekuckt hunn, dass de Bilan impressionant ass.

Den 1. Mee hate mer hei am Land 20.500 Kontrakter iwwert d'Privatzousazversécherung gezielt. Dat sinn der wesentlech méi wéi mer der erwaart haten. Dat sinn der wesentlech méi wéi mer der erhofft haten. Et sinn 11.500 nei Kontrakter ofgeschloss ginn, 2.000 aler ëmgeännert ginn a 7.000 fréier Kontrakter bäibehale ginn. Et ass zu engem Encaissement vu ronn 23 Milliounen Euro komm an déi meescht Kontrakter si mat Assurancëgesellschaften ofgeschloss ginn, wat Kombinatiounsméiglechkeete mat der Finanzplaz opmécht, well déi meescht Assurancëgesellschaften dës Spuerinstrumenter an enker Zesummenaarbecht mat de Banke vun der Plaz géréieren.

Dës Spuerinstrumenter hunn niewebäi bemierkt och nei Aktivitéiten op eis Finanzplaz bruecht. Si hunn Aarbechtsplazen ofgeséchert, si hunn d'Schafung vun neien Aarbechtsplaze méiglech gemaach a si weise wat mer heiansdo net als bewosst Politik enregistréieren, si weisen dass et och op eiser Finanzplaz reng national Diversifizéierungsinstrumenter ka ginn, an dat dote war eent.

Et wär eiser nationaler Ekonomie allerdéngs de Moment méi duerch Consommëiere wéi duerch Epargnéiere gedéngt. D'Kafkraaft an eisem Land ass jo net zréckgaangen, am Géigendeel, si ass geklommen duerch d'Steierreform, duerch d'Indexupassung an duerch d'Kollektivvertragspolitik. Eis Leit misste méi consommëieren, mä si maachen dat net, well se duerch d'Noriichte vun der internationaler Wirtschaftsfront dauernd verschreckt ginn. Also spuere se. D'Spueren, een u sech wäertvolle Reflex, dat ass de Konsum vu mar. Ergo si mer zur Opfaassung komm, datt d'Spuere vun haut an d'Virbereede vum Konsum vu mar méi staark Ënnerstëtzung verdéngen.

Dir wësst, datt virun iwwer zwee Joer d'Regierung beim Europäesche Rot zu Feira zu enger Léisung iwwert d'Regelung vun den Zënserspuernisser an Europa bäigedroen huet. Dir wësst och, datt mer am Januar vun dësem Joer no laangen, schwieregen, haartnäckegen, heiansdo kompromisslose Verhandlungen eis mat deenen anere 14 Länner an der Europäescher Unioun op e Gesamtkompromiss iwwert d'Zënsbesteierung an Europa gëeenegt hunn. Italien, net Lëtzebuerg, hält fir de Moment nach dës steierlech Gesamtléisung op, mä Italien wäert seng Reserven den 3. Juni um 11 Auer ophiewen an da wäerte mer e Gesamtsteierpak hunn, deen eis Satisfactioun gëtt. E gëtt eis Satisfactioun, well mat der Adoptioun vum Steierpak eng Hypothéik verschwënnt, déi zënter iwwer 20 Joer iwwert eiser Finanzplaz hänkt.

E gëtt eis Satisfactioun, well mer eng Regelung fonnt hunn, déi eis Finanzplaz schount, déi eis net manner gutt stellt wéi eis inner- an aussereuropäesch Konkurrenzzentren, déi et gëtt. E gëtt eis Satisfactioun, dee Léisungspak, well et zu enger adequater Kapitalbesteierung kënnt, déi mer brauchen. An e gëtt eis Satisfactioun, well d'Plangen op der Finanzplaz méi prévisibel gëtt an den Image de marque vun därselwechter sprunghaft zougeholl huet.

Ech war frou festzestellen, datt d'Acteure vun der Finanzplaz Lëtzebuerg an d'Hänn geklappt hu wéi mer eis an Europa gëeenegt hunn. An ech war och frou festzestellen, datt déi fonnte Regelung am Ausland, dat heescht virun allem bei de Cliente vun eiser Finanzplaz Lëtzebuerg, Zoustëmmung fonnt huet. An ech war och frou - ech wëll dat ausdrécklech heibanne soen -, datt grouss Deeler vun der Oppositioun d'Regierung bei de Verhandlunge lafend an op divers Manéieren ënnerstëtzt an dem Gesamtaccord hir endgülteg Zoustëmmung ginn hunn. Ech nennen dat eng responsabel Oppositiounspolitik.

Den Accord vu Feira an den Ecofin-Accord vum Januar 2003, dat ass net d'Enn vun der Finanzplaz Lëtzebuerg an den etappeweise Verkaf vun därselwechter. Dës Accorden, dës Regelungen, dës Léisungen, dat ass dee Stoff deen d'Viraussetzung liwwert, fir eng weider gutt Entwécklung vun engem wichtegen Deel vun eiser nationaler Ekonomie.

Déi Accorden, déi mer zu Bréissel fonnt hunn, trieden den 1. Januar 2005 a Kraaft. Bis dohinner musse mer eis Législatioun der neier Direktiv upassen. Bis dohinner musse mer awer och klären, wéi d'Besteierung vun de Kapitalerträger am eegene Land, fir d'Leit déi hei am Land wunnen a liewen, ausgesäit. Mir hunn dobäi zwee Ziler.

Éischtens, mir wëllen datt d'Lëtzebuerger responsabel a solidaresch Steierbierger bleiwen. Dofir schafe mer d'Bankgeheimnis fir déi Leit, déi hei am Land wunnen, och net of. Mir wëllen net de Steierzueler aus Glas. Mir wëllen net, datt de Stat dem Steierzueler duerch siwe Boxe ka kucken an e ka froen, wéi en déi eng Box iwwert déi aner kritt huet. Mir wëllen e Steierzueler, deem seng Kapitalerträg adequat besteiert ginn. Sou wéi aner Einkunftsaarten och. Mä awer manner wéi aner Einkunftsaarten, well d'Kapital- an d'Spuererträg si vun enger anerer Natur wéi déi aner Akommvergréisserungsmethoden déi mer kennen.

Mir wëllen zweetens, Här President, d'Neiregelung vun der Kapitalertragsbesteierung esou maachen, datt d'Spuere vun haut an d'Consommëiere vu muer steierlech méi gënschteg gestallt gëtt. Haut ginn d'Zënsrevenuë mam duerchschnëttleche Steiersaz besteiert. Mir wëllen, zäitgläich mat der Akraafttriedung vun der europäescher Zënsdirektiv oder kuerz duerno, d'Zënsrevenuen an aner Spuerrevenuen un der Quell besteieren. Mir wëlle fréistens am Joer 2005, spéitstens am Joer duerno mat 10% un der Quell besteieren. Dat bedeit fir d'Spuerer eng wesentlech Steiererliichterung. Mir verduebelen och d'Steierabattementen, de Steierabattement geet op 3.000 Euro fir den eenzelne Steierzueler an op 6.000 Euro fir déi bestuete Koppel an d'Luucht. Kee Spuerer bezilt méi, mä all Spuerer bezilt manner Steiere wéi haut. Parallell zum Akraafttriede vun där neier Regelung schafe mer d'Verméigungssteier op de Privatpersounen of. Dat ass eng weider Steiererliichterung. Insgesamt bedeit d'Neiregelung vun der Besteierung vun alle Forme vu Spuererträg eng Stäerkung vun den nationale Sträng vun eiser Finanzplaz.

Deen zweeten Tromp, Här President, dee mer net liichtfankeg aus den Hänn däerfe ginn, dat ass den niddregen Niveau vun eise Soziallaaschten. Si sinn niewent der favorabeler Steierlandschaft dee wichtegste Standuertfacteur dee mer hunn, mir däerfen deen net verspillen. An dofir hu mer an der Tripartite beschloss, d'Cotisatioune fir d'Krankekeesen op kee Fall ze erhéijen. Sollt sech an dësem sensibele Beräich, op dësem Schnëttpunkt vun ekonomescher Effizienz a vu sozialer Sensibilitéit, d'Noutwendegkeet vum Rééquilibrage erginn, da muss deen neien Equiliber sech ausserhalb vun der simpler an der einfacher Cotisatiounserhéijung fannen.

Och d'Industriekaart, grad d'Industriekaart, musse mer weider spillen. Well d'Industriepolitik bleift wichteg, ouni niddereg Betribssteieren, ouni niddereg Soziallaaschten huet se selbstverständlech keng Zukunftschancen. D'Europäesch Unioun verspäert eis - zu Recht - de Wee zur Iwwersubventionéierung vun den industriellen Investissementer. Mä och wa se

méi schwéier ginn ass, si muss konsequent viru gefouert ginn, a si gëtt dat och. D'Diversifikatiounsresultater, déi de jëtzege Wirtschaftsminister virweise kann, sinn op d'mannst sou gutt wéi d'Resultater vu senge Virgänger. A mir mussen op deem Wee viru fueren. Mä déi zukünfteg nei Industrieusiedlunge mussen ëmweltschounend sinn, manner landverbrauchend a manner personalintensiv si wéi déi, déi mer an der Vergaangenheet op Lëtzebuerg gezunn hunn.

Ech wëll eppes heibanne ganz kloer soen: Eist Land brauch d'Industrie. Déi Virstellung, mir kéinte viru wuessen, un der Spëtzt vum europäesche Peloton fueren, viru produzéieren, viru monter exportéieren, virun eng gutt duerchstrukturéiert Ekonomie hunn, a mir kéinten dat och alles ouni Industrie maachen, ass eng Virstellung, déi d'Regierung net deelt. Eist Land brauch eng staark Industrie, fir datt mer ekonomesch a mental dat bleiwe wat mer sinn. Dofir ass all Wuertmeldung fir eng schläichend Désindustrialiséierung vu Lëtzebuerg eng Wuertmeldung fir eng verstäerkte Monolithiséierung vun eiser Ekonomie. Si ass domat eng Ofso un ee soziaalt, soziologesch équilibréiert a modernitéitsorientéiert Wuesse vun der Lëtzebuerger Ekonomie a vun eisem Land.

Eng modern Industrie, déi brauch ee kompetitiivt Ëmfeld. Um steierleche Plang hu mer gemaach wat ze maachen ass, ech soen lech haut an hei, méi ass net ze maachen, a méi gëtt och net gemaach. Mä trotz de fiskale Verbesserungen huet eis Kompetitivitéit sech an deene leschte Jore verschlechtert. Dofir gëtt et méi wéi eng Ursaach. Iwwert d'Genèse an iwwert d'Explikatioun vun deenen eenzelnen negative Facteuren am Beräich vun der Kompetitivitéit, hu mer an der Tripartite laang a kontrovers diskutéiert. Eis Lounpolitik muss, sou wéi d'Europäesch Unioun dat fir all europäesch Ekonomie virschreift, moderat a responsabel bleiwen. Si war dat a ville Secteuren och, mä si war et net an alle Secteuren.

D'Léin däerfen a kënnen net méi séier wuesse wéi d'Produktivitéit vun der Aarbecht. D'Léin an eenzelne Secteure sinn awer méi séier gewuess wéi d'Produktivitéit. Fir datt mer d'Produktivitéit an d'Kompetitivitéit besser am A behalen, fir datt mer en cours de route d'Lounkurf kënnen ajustéieren an d'Gestaltung vun der Lounlandschaft besser kënne preparéieren, fir datt d'Observatioun vum Lounëmfeld an d'Impaktimplikatioun vun deemselwechten an d'Lounbildung méi zäitgläich ginn, fir datt mer deeselwechten Zäittakt tëschent der Entwécklung vun der Ekonomie an der Entwécklung vun de Léin kënne kréien, hu mer an der Tripartite d'Schafung vun engem „Observatoire de la compétitivité", engem Kompetitivitéitsobservatorium beschloss, dee soll d'Kompetitivitéitserhalung an d'konsequent Lounbildung wëssenschaftlech an empiresch ënnerfidderen, a seng éischte Resultater virum Enn vun dësem Joer virleeën.

Iwwer eng vermeindlech Ursaach vun dem Divergéieren tëschent dem Kompetitivitéitsëmfeld a Lounbildung ass an deene leschten Deeg vill geschwat ginn. Ech maachen Allusioun - Dir hutt et erroden - un d'Diskussioun iwwert d'Indexatioun. Mir hunn d'Indexatioun a mir hunn den Index a mir wäerten d'Indexatioun an den Index och behalen.

All wirtschaftswëssenschaftlech, all observatiounsempiresch Etüde weisen: Mëttelfristeg verschlechtert d'Indexatioun vun de Léin a Gehälter eis Kompetitivitéit eben net. De Patronatsvirschlag, d'Indexéierung nach just fir Léin, ënnert der Héicht vun 1-2mol de Mindestloun ze applizéieren, an d'Kafkraafterhalung vun de Lounkategorien doriwwer dem Beräich vun de Kollektivvertragsverhandlungen zouzëuerdnen, gräift ganz einfach ze kuerz. Wa jiddfereen dee méi wéi 1.500 oder 2.000 Euro verdéngt säi Loun net méi indexéiert kritt, mä drop ugewisen ass, ouni Garantie, datt säi Loun am Kader vun de Kollektivvertragsverhandlungen opgebessert gëtt, da lafe mer d'Gefor datt d'Kafkraaft fält, de Konsum zréckgeet an d'Ekonomie deelweis op der Plaz trëppelt. Wann een dat net wëllt, wann een dat verhënnere wëllt, da muss ee sech géint eng Vereinfachung vun der Indexdiskussioun, sou wéi vun Deeler vum Patronat ugestiwwelt, wieren. D'Regierung jiddefalls wiert sech dogéint.

D'Industriepolitik, fir erfollegräich ze sinn, brauch een Ajustement vun hiren Instrumenter. Dofir hunn de Wirtschafts- an de Finanzminister vir, de Verwaltungsrot vun der SNCI mat enger Reform vun dëser Industrie- a PMEs-Entwécklungsbank ze beoptragen. Dës Décisioun geet op eng Suggestioun vun de Sozialpartner zréck, d'Sozialpartner sollen hir eege Suggestioun och weider dreiwen. D'Absicht vum Här Grethen a vu mir ass et fir nach am Joer 2004, falls déi Aarbechte séier ginn, eng sproochräif SNCI-Reform virzeleeën.

D'Industrie brauch och Plaz, dofir keeft de Stat d'Industriebrooche vum Éilerenger Crassier, fir eng nei national Industriezon kënnen ze schafen. Iddien hu mer, Reforme brauche mer, Plaz kréie mer, nei Industrië kréie mer och. Fir datt se schaffen, produzéieren an exportéiere kënnen, verstäerke mer eis Aussenhandelsbezéiunge virun allem mat den neien Ekonomien an Ost- a Mëtteleuropa. Dës Politik fänke mer net eréischt un, mä dës Politik gëtt accentuéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn d'lescht Joer heibanne gesot, mir misste vun enger onverschimtener Nischepolitik Ofstand huelen. Eng Politik déi eis méi Duerstellungsproblemer am Ausland wéi ekonomesch a sozial Succèsen heiheem bruecht huet. Intelligent an europadénglech Besetzung vu Qualitéitsnischen deenen hiren Ameublement ee bestännegen an nohaltege Wuesstum séchert, Schafung vu Valeur ajoutée ouni Landverbrauch an ouni Aarbechtsmaartexplosioun, esou oder esou ähnlech hat ech de Gestaltungsmotto fir d'Zukunft d'lescht Joer beschriwwen.

Dat waren, Här President, keng eidel Wierder. Dat war d'Ukënnegung vun enger neier Intentioun a vun enger noutwendeger Ëmorientatioun. Ech hunn an deene leschten zwielef Méint, als Finanzminister fir d'éischt, als Statsminister fir d'zweet, probéiert aus där Intentioun eng konzentréiert Aktioun ze maachen. D'Bündelung vun eise steierlechen Atouten, déi mer bewosst ugeluecht hunn, vun eiser infrastruktureller Performance, déi mer geziilt gesteiert a gesteigert hunn, a vun eiser Reaktiouns- an Adaptatiounsschnellegkeet erginn e Pak vu Standuertvirdeeler, déi sech an där persuasiver Intensitéit soss néierens an Europa erëmfannen.

Virdeeler, déi mer hunn, well mer se wollten hunn, déi muss een erklären an déi muss ee verkafen. Dat hu mer am leschte Joer gemaach, mir si gereest, mir hunn ëmfaangen, mir hunn explizéiert, mir hu militéiert, mir hunn négociéiert mat internationale Firmen a mat auslännesche Regierungen. Näischt geet vum selwen. Asaz zielt a Weises gëllt.

Ech kann haut confirméieren, datt d'Verhandlungen tëschent dem Stats- a Finanzministère an America Online, AOL, an deene leschten Deeg definitiv mat engem fir eist Land positive Resultat konnten ofgeschloss ginn. AOL, eng vun deene gréisste weltwäit tätegen an aktiven Internetfirmen etabléiert säin europäeschen Déngschtleeschtungszenter zu Lëtzebuerg. AOL huet 38 Millioune Clientë weltwäit, awer nëmme 6,5 Millioune Clienten an Europa, wëllt awer seng Aktivitéiten an Europa ausbauen, well Europa e massiv ënnerentwéckelte Marché ass mat natierlech enormen Expansiounsméiglechkeeten.

Déi al an déi nei europäesch Clientë vun AOL ginn AOL-Lëtzebuerg rattachéiert an AOL wäert hir Leeschtunge vun hei aus facturéieren. Dat heescht, op all europäescher AOL-Déngschtleeschtung gëtt Lëtzebuerger TVA zu Lëtzebuerg bezuelt. Ech brauch lech net ze soen, datt dat à terme considérabel Steierrecettë bedeit, a géife mer a Lëtzebuerger Frange schwätze géife mer net nëmme vun 100te Millioune schwätzen, mä vun e bësse méi.

An engem Moment, wou d'wirtschaftlech Entwécklung méi lues geet, a wou d'Betribssteiererwaardunge méi wackeleg gi sinn, ass d'Implantatioun vun AOL zu Lëtzebuerg a méi wéi engem Sënn vum Wuert eng Beräicherung fir eist Land.

AOL kënnt op Lëtzebuerg a geet net, dat waren déi aner Optiounen, a Portugal, op London oder op Amsterdam, mä et kënnt op Lëtzebuerg, wéinst eisem insgesamt favorablen TVA-Steierregime, mä mat ausschlaggebend war, dat muss ee wëssen, de sophistikéierte Charakter vun eisem Kommunikatiounsréseau an d'Exzellenz vun eisen Interconnexioune mat den Haaptnervenzentre vun der europäescher Internetlandschaft. Dobäi kënnt d'Asiicht, datt mer hei zu Lëtzebuerg extrem séier kënne reagéieren, wann déi reglementaresch Kaderen un international Evolutioune mussen ugepasst ginn.

AOL, fir sech selwer geholl, ass e grousse Succès vun der Diversifikatioun. Mä d'AOL-Implantatioun zu Lëtzebuerg ass awer och e Signal fir aner comparabel Firmen. Wann dee weltwäiten Internetleader, esou war eis Iwwerleeung, seng Europazentral zu Lëtzebuerger opschléit, da kommen anerer no, a genau dat ass och an de leschten Deeg geschitt. Ech si frou lech matdeelen ze kënnen, datt mer d'lescht Woch och d'Verhandlunge mat dem weltgréissten Internethändler AMAZON ofgeschloss hunn. AMAZON ass hei zu Lëtzebuerg fir vill eng bekannte Gréisst am Buchhandel, am CD-, DVD- a Videospillhandel. AMAZON mécht aus Lëtzebuerg déi Plaz an Europa, déi zum Internet-Intermédiaire tëschent deene Clientë gëtt déi Produkter verkafen, an deene Clienten déi Produkter kafen. AMAZON deelt haut oder an deenen nächsten Deeg mat, sech fir Lëtzebuerg décidéiert ze hunn, well et hei e favorable Klima, ech zitéieren, fir den elektroneschen Handel gëtt, an eng Regierung, déi all Entwécklung am e-Beräich positiv begleet. AMAZON verdéngt op all Relatioun, déi tëschent Verkeefer a Keefer zustane kënnt, eng Kommissioun op där se Steiere bezilt an op all Transaktioun, déi entsteet, zitt de Lëtzebuerger Stat Lëtzebuerger TVA zu Lëtzebuerg an. Dir hutt verstan wat dat heesche kann.

AOL an AMAZON droe wesentlech mat derzou bäi, dass d'Informatiounsautobunnen net laanscht Lëtzebuerg lafen. Si fueren hei fort a si kommen hei un. Lëtzebuerg gëtt esou ee vun den Haaptcarrefoure vun der europäescher Internet-Geographie.

Datt AOL an AMAZON op Lëtzebuerg kommen, datt mer mat hinnen an duerch si eng nei Ouverture op d'Zukunft, ech hunn elo éinescht dervu geschwat, kréien, ass d'Resultat vun enger richteger Steierpolitik, vun enger richteger Infrastrukturpolitik, mä och d'Resultat vun zéie Verhandlunge mat de Konzernspëtzten. Si hu stattfonnt an Amerika, si hu stattfonnt heiheem an ech hu se net eleng gefouert, ech liesen dat heiansdo.

Ouni déi gutt Rotschléi vum Wirtschaftsminister an ouni dee mustergültegen Asaz vu menge Mataarbechter, haaptsächlech dem Administrateur général am Finanzministère, dem Här Gaston Reinesch, an de Beamte vun der Enregistrementsverwaltung wier et net méiglech gewiescht aus der ugekënnegter Intentioun vum leschte Joer een Erfolleg vun dësem Joer ze maachen.

Mä opgepasst, AOL an AMAZON retten net eis Wirtschaft a si retten och net eise Budget. Si erliichteren dem Budget seng Péng, mä si si keng Schmäerztherapie déi éiweg unhält. Fir gesond ze bleiwen, do musse mir ons weider ustrengen.

A weider ustrenge musse mer eis virun allem bei der Konsolidéierung vun der Finanzplaz Lëtzebuerg. D'Explosioun vun der Spekulatiounsblos op de Bourssen - e Virgang fir deen nëmmen Eenzelner d'Lëtzebuerger Regierung endgülteg verantwortlech maachen - an den Aktiëkollaps - Entwécklung fir déi nëmmen Eenzelner d'Lëtzebuerger Regierung endgülteg responsabel maachen -, deen huet d'Finanzplaz selbstverständlech manner gutt Resultater schreiwe gelooss. Mä trotz Réckgang vun de Resultater wësse mer, wat mer un där Finanzplaz hunn. A wat mer hunn, dat musse mer halen, a wat mer hale wëllen, dat musse mer ausbauen. Duerch gutt a geschéckt Verhandlungen iwwert d'europäesch Zënsbesteierung hu mer et fäerdegbruecht der Finanzplaz Entwécklungsprévisibilitéit a Planungssécherheet ze ginn.

Nëmmen déi, déi iwwert d'Volatilitéit vum Kapital net Bescheed wëssen, ënnerschätzen dëse Stabiliséierungsbeitrag vun der Politik. Déi concernéiert Insider verstinn dofir, Gott sei Dank, méi dovu wéi déi ausrangéiert politesch Outsider a luewen dofir d'Regierung fir hiren Asaz.

Den europäesche Steieraccord huet der Finanzplaz Lëtzebuerg de Réck gestäipt. Mä e staarke Réck geet net duer. D'Finanzplaz brauch och agil Äerm an agil Been. Si muss sech beweegen, si muss fest zoupake kënnen, an dofir war et gutt datt Der als Chamber Enn 2002 dat neit d'Gesetz iwwert d'Investitiounsfongen, d'OPCen gestëmmt hutt. Et hëlleft de Banke vun der Plaz eng offensiv, eng modern Gestioun vun den Aktiva vun hirer Clientèle ze maachen.

Dofir wier et gutt wann d'Chamber esou séier wéi méiglech géif d'Gesetz iwwert déi nei spezialiséiert Finanzberuffer stëmmen. D'Demande zu deene Spezialisatiounen, d'Demande fir zu deene Spezialisatiounen zougelooss ze ginn, déi hëlt zou. Hei besteet Urgence. Hei läit e Projet de loi vir, hei musse mer d'Adoptioun vun deemselwechten ze accéléréiere verstoen.

Dofir brauche mer och e Gesetz iwwert d'SICAVen, iwwert d'Investissementsgesellschaften, déi am Risikokapital täteg sinn. Dës Gesellschafte sammele Kapital fir nei gegrënnte Betriber, Betriber déi nach net op der Bourse côtéiert sinn a ganze Wirtschaftssecteuren, déi op Opschwonkkurs sinn, zur Verfügung ze stellen. Esou kënnen Investissementer an d'Kleng- an an d'Mëttelbetriber heiheem an an déi opstriewend Ekonomien an Ost- an a Mëtteleuropa vu Lëtzebuerg aus drainéiert ginn.

Dofir, well mer d'Finanzplaz wëlle stäerken, brauche mer e Gesetz dat deen ale Modell vum Treihandgeschäft duerch en neien Trust-Modell no angelsächseschem Virbild ersetzt. Dëst Gesetz bréngt juristesch Sécherheet do wou mer kloer Regele brauchen.

Dofir brauche mer och, an dat kënnt geschwënn, e Gesetzesprojet iwwert d'Titrisatioun, d'Verbriefung. D'Verbriefung huet enorm Entwécklungschancen, mä mir musse se méi séier a méi grëndlech a méi sophistikéiert a méi artikuléiert notze wéi eis Konkurrenten, an dat wäerte mer maachen.

Dofir brénge mer och e Gesetz iwwert d'Organschaft um Plang vun der TVA an d'Parlament an. D'Banken organiséiere sech ëmmer méi - dat wëllt hir pousséiert Spezialiséierung - a grousse Businesslines, an dat ass Moud, déi geet erëm laanscht, mä de Moment ass dat Moud, déi sech ënnerteneen zerwéieren. Op deene Prestatiounen, op deenen Interprestatiounen tëschent deene Businesslines gëtt zu Lëtzebuerg TVA opgehuewen. Op anere Plaze gëtt keng TVA op deene Leeschtungen opgehuewen.

De Groupe d'analyses fiscales am Finanzministère hëlt sech där Saach un, iwwerkuckt dee Froekomplex a mécht Propositiounen, fir datt mer op deem Punkt erëm méi kompetitiv ginn, fir datt eis Banke Loft kréien, awer esou datt de Statsbudget keng Loft verléiert. Dir hutt dee Projet geschwënn an ech wier frou wann en Äert Haus esou séier wéi méiglech erëm a Richtung Mémorial kënnt verloossen.

D'Industrie ass wichteg, ech hunn et gesot, d'Finanzplaz och. Mä hiert eigentlecht Gläichgewiicht kritt eis Ekonomie duerch hir Klengan hir Mëttelbetriber, duerch de Mëttelstand. De Mëttelstand leit ënnert der Kris, mä de Mëttelstand ass net an der Kris, e wiert sech net nëmmen, e kënnt gutt virun. Dat ass d'Resultat vun der Steierreform, dat sinn d'Applikatiounsresultater vun dem éischten Deel vum Aktiounsplang fir de Mëttelstand, dat ass d'Konsequenz vum Wëlle vun den Handwierker an de Geschäftsleit fir sech net ënnerkréien ze loossen. Datt se sech net ënnerkréie loosse weist eleng schonn d'Tatsaach, dass déi Investissementer, déi iwwert d'Hëllefe vun der Loi-cadre vum Mëttelstand generéiert gi sinn, d'lescht Joer ëm 58% gewuess sinn, matzen an der Kris, wann ech esou muss soen. Eenzel Wirtschaftssecteuren hei am Land hu Schwieregkeete fir ze dréinen, de Mëttelstand ass amgaangen ze investéieren.

Mir hunn haut e Gesetzesprojet iwwert d'Reform vun dem Mëttelstand senger Loi-cadre deponéiert. Et erlaabt net nëmme corporel Investissementer, mä och Breveten, Lizenzen an net brevetéiert Wësse fir Ënnerstëtzungshëllefen éligibel ze maachen. Et bréngt méi Hëllefe wéi bis elo beim premier établissement, dat heescht bei den initialen Investissementer. Et encouragéiert déi rational Notzung vun Energie an et begleet d'Recherche-Ustrengungen. Ausserdeem gesäit et e speziellen Hëllefsregime fir d'Steigerung vun der Ernährungssécherheet vir, Ernährungssécherheet zu där d'Regierung och d'lescht Woch e spezielle Fuerschungsprogramm lancéiert huet.

Allgemeng gëllt souwisou, mir mussen eis Efforten am Beräich vun der Recherche verstäerken. Et bleift dobäi, trotz budgetären Zwäng musse mer 0,3% vun eisem PIB eiser Fuerschung reservéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei alle Schwieregkeeten, déi mer hunn, bei alle Réckschrëtt, déi et ginn huet, bei all Schwächeufall, dee mer erlidden hunn, bei aller Verdrësslechkeet iwwert d'Morositéit vun der europäescher Ekonomie a vun der Weltwirtschaft, mir sinn e Land voller Chancen. Mir hunn d'Kaarten an der Hand.

Gesond Statsfinanzen, niddreg Steieren, niddreg Soziallaaschten, eng Industrie um Wee vun der Diversifizéierung, eng Finanzplaz mat groussen Entwécklungspotenzialen, nei Betriber am Kommunikatiouns- an am Internetberäich, e leeschtungsstaarke Mëttelstand, eng gutt ugeluechte Mécanique, déi eis Croissance lancéiert, wann dës aus hirem Boxestopp erauskënnt. Mir packen et virun a mir packen et och nees fir d'Wirtschaftsperformancë vun der Vergaangenheet erëmzefannen. Mir fanne se net op hiren alen Niveauen erëm, mä mir fanne se mat hirem ale Profil erëm.

D'europäesch Ekonomie ass schwaach. Si beweegt sech ganz däitlech, wéi eis och, ënnert hirem Wuesstumspotenzial. Dee fënnt se eréischt erëm, wann déi Strukturreformen ronderëm eis viruginn a wann d'europäesch Zentralbank endlech hire ganz Zënsspillraum gewëtzt ausnotzt. Den Euro huet eis d'lescht Joer geschützt géint d'Inflatioun, géint d'Kafkraaftverloschter, géint monetär Turbulenzen, déi terribel gewiescht wieren, wa mer den Euro net gehat hätten.

Ouni Währungsunioun hätte mer ouni all Zweifel trotz zeidegen Äppel décken Duuscht gelidden. Mä den Euro fänkt de Moment un - ech drécke mech virsiichteg dozou aus, well mat der Geldpolitik soll ee sech net öffentlech zu Wuert mellen - e belaaschtende Facteur fir d'europäesch an och fir déi Lëtzebuerger Exportindustrie ze sinn. Et wier gutt, wann een am Juli kéint soen d'Zentralbank hätt am Juni Recht gehat mat deene Korrekturen, déi se duerch hir geldpolitesch Beschlëss méiglech gemaach huet.

Mir packen et, hunn ech gesot, mä mir packen et och um Aarbechtsmaart. Et huet kee Wäert d'Situatioun um Aarbechtsmaart méi schéin ze riede wéi se ass. Eise Chômage ass méi déif wéi am Rescht vun Europa, mä e klëmmt, e klëmmt méi wéi do an e klëmmt ze vill.

Mir sinn eis an der Tripartite eens ginn d'PAN-Gesetz vun 1999, esou wéi et spéider ugepasst ginn ass vu mengem brillanten Nofolger, ze verlängeren. Dat weist, datt mer 1999 dat Richtegt gemaach haten. D'Flexibiliséierungsmoossnamen iwwert d'Referenzperiode gi bis Juli 2007 prolongéiet an duerno, jee nodeem wéi se sech bis dohinner beholl hunn, ugepasst. De Congé parental fënnt eng definitiv Plaz an der Soziallandschaft. Déi fundamental Kritik vun Deeler vum Patronat géint säi Prinzip sinn eis wierklech net schlësseg virkomm. Wat zu Tréier, zu Metz, zu Arel an zu Kopenhagen keen insurmontablë Problem duerstellt, kann zu Lëtzebuerg kee Bierg si bei deem senger Montée eis Patronë stieche bleiwen. Mä mir leeën eis an d'Pedalle fir datt d'Montée méi liicht gëtt a féiere mëttelstännesch a mëttelstandsfrëndlech Souplesse-Elementer an.

Mir sinn eis eens ginn, datt all Potentialitéite vum PAN-Gesetz méi staark sollte getest an applizéiert ginn. Besonnesch déi kollektivvertraglech Aarbechtsplazbeschafungsmoossname sollen nei ugeworf ginn. D'Sozialpartner hu jo gewisen, virun allem an deem Accord iwwert d'Recht vum Eenzelnen op Weiderbildung, dass se zu gudde Resultater kommen, wa se codéterminéiert sinn.

Mir ënnerstëtzen och finanziell d'vertraglech Imaginatioun, wa se Aarbechtsplazen erhält oder wa se neier schaaft. D'Aarbechtszäitverkierzung finanzéiere mer, wa se Chômage ofbaut. No Verhandlungen, déi den Aarbechtsminister opgeholl huet, wahrscheinlech och wa se den Ofbau vun Aarbechtsplaze ka verhënneren. Déi legal Aarbechtszäitverkierzung ass awer kee Wee, mä déi staatlech ënnerstëtzt kontraktuell Aarbechtszäit an hir Verkierzung, wa se de Lien zu de Realproblemer zum Aarbechtsmaart hierstellt, ass selbstverständlech eng Optioun déi um Dësch bleiwe muss.

D'Aarbechtsmaartpolitik ass méi wéi Aarbechtslosenentschiedegung. Si ass aktiv Aarbechtsmaartanimatioun. Den Aarbechtsminister ass décidéiert d'Gesamtinstrumentarium vun eiser Aarbechtsmaartpolitik maximal ze aktivéieren, fir datt méi Leit a Beschäftegung kommen a manner Leit ze laang ouni Beschäftegung bleiwen. Déi meeschte Chômeure fannen zu Lëtzebuerg no sechs Méint eng Aarbecht. 60% vun hinne sinn no engem halwe Joer nees a Beschäftegung. Dëse frictionnellë Chômage ze verkierzen ass bei aktueller Konjunkturlag bal net dran. Trotzdeem gëtt et duerch aktiv Moossname probéiert, well och de Kuerzzäitchômage ass keng Fatalitéit.

D'Gesetz iwwert d'Solidarekonomie, géint de soziale Chômage, haut deponéiert, hëlleft deene Leit, déi um normalen Aarbechtsmaart schwéier Fouss faasse kënnen, op d'Been. Mir wiere frou wann dëse Projet, grad wéi d'Verlängerung vum PAN-Gesetz esou séier wéi méiglech vum Parlament kënnte gestëmmt ginn.

D'Aarbechtsrecht sengersäits war dëst Joer an der Tripartite wéineg an der Kritik, kaum en Thema. Et brauch och keng radikal Reform an et kritt och keng. Aarbechtslosegkeet léisst sech net duerch d'Zerstéierung vum Aarbechtsrecht bekämpfen. D'Verdënnung vum Aarbechtsrecht mécht d'Aarbechtsmaartproblemer méi déck, well se d'Prekaritéit méi breet mécht. Dat ass net de Wee, dee mer wëlle goen. Dat ass net de Wee, dee mer solle goen. Dat ass e Wee, wou ee sech nëmme wonnere kann, dass Anerer e goe wëllen.

Sécher, d'Tripartite, dat hunn ech och gelies, huet dëst Joer keng dramatesch nei Weeër ageschloen, mä et wier dramatesch gewiescht wa mer déi ageschloe Weeër hätte misse verloossen. D'Tripartite funktionéiert net nëmmen da wa se innovéiert, si funktionéiert och da wa se klug konservéiert.

Den Aarbechtsmaart kennt kuerzfristeg Problemer, ëm déi bekëmmert den Aarbechtsminister sech. Den Aarbechtsmaart ass awer och net fräi vu méi laangfristege Problemer. D'Immigratiounskommissioun vun der Chamber huet sech intensiv a leschter Zäit mat de Wiesselbezéiungen tëschent Immigratioun an Aarbechtsmaart beschäftegt. Den Aarbechtsminister huet hire President, den Här Marcel Glesener, mat enger Etüd iwwert déi mëttel- a laangfristeg Wiesselbezéiungen a Kombinatiounsméiglechkeeten tëschent Immigratioun an Aarbechtsmaart beoptraagt. Mir si gespaant op d'Resultater vu sengen Iwwerleeungen.

Wien Aarbechtsmaart seet, wien Aarbechtsmaartpolitik seet, aktiv Arbechtsmaartpolitik seet, dee seet am selwechten Otemzuch Bildungs- a Weiderbildungspolitik. Et mécht kee Sënn iwwert d'Ouverture op d'Zukunft, iwwert d'Usiedelung vun Internetbetriber an iwwert den Zougank zur Kommunikatiounsgesellschaft ze schwätzen, wa mer mer net gläichzäiteg duerfir suergen, datt d'Schüler vun haut an déi Aktiv vu mar fréi genuch mat den Aarbechtsinstrumenter vun der neier Aarbechtsmaartgesellschaft Kontakt kréien. Mir haten am Joer 2000 ee Computer fir eelef Schüler. Am Postprimaire hu mer haut ee Computer fir sechs Schüler. Gutt esou!

Et huet kee Wäert iwwert den Aarbechtsmaart vu mar a seng Exigenze vun iwwermar ze schwätzen, wa mer déi Jonk net op déi aarbechtsmaartpolitesch Erausfuerderunge virbereeden. Dofir ass et gutt datt mer d'Reform vun der ieweschter Divisioun vum Sekundarunterrecht realiséiert hunn. Et ass gutt datt d'B-Sektioun an der ieweschter Divisioun vum technesche Sekundarunterrecht partiell a Richtung Informatik reorientéiert ginn ass, esou datt mer elo eng mathematesch-informatesch Sektioun hunn. Et ass gutt datt am technesche Sekundarunterrecht d'Formatioun vum Mécatronicien agefouert ginn ass. Si fänkt am Hierscht un.

An der handwierklecher Ausbildung kënnt et zu enger Programmaktualiséierung vu 25 spezifeschen Handwierksberuffer. Hei wäerte sech an Zukunft Theorie a Praxis besser begéinen. An iwwregens ass zënter 1998 d'Zuel vun deene Jonken, déi e CATP kritt hunn, ëm 27,5% an d'Luucht gaangen.

Och wat dat liewenslänglecht Léieren ubelaangt hunn d'Zuelen, dat heescht d'Realitéit, sech positiv verännert a verbessert. Am leschte Joer hu 17,84% vun eiser aktiver Bevölkerung u Weiderbildungsmoossnamen deelgeholl. Insgesamt hu mer 50.285 Aschreiwungen a Weiderbildungscoursë gezielt. Dat weist, de Weiderbildungsreflex ass amgaang sech anzebiergeren.

De Problem vun der Aarbechtslosegkeet kritt een net vun haut op mar geléist, mä d'Problemer vum Aarbechtsmaart vu mar kann een entschäerfen, wa Land a Leit, Jonker an Aktiver sech konsequent op seng Erausfuerderunge virbereeden.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mir hunn eist klengt Land an deene leschten zwielef Méint duerch en internationaalt Gewässer musse steieren, dat aussergewéinlech onroueg war, dat vum Irak-Orkan esou opgeputscht gouf, datt bal alles duerchernee geflunn ass. Eréischt an e puer Joer wësse mer wéi d'Geschicht d'Reschter vun deem Stuerm zesummegekiert huet. Haut awer scho wësse mer, datt e Krich, deen de Fridden ënnerbrécht, méi liicht erschéngt wéi dee Fridden, deen nom Krich kënnt. Mir gesinn dat all Dag.

Déi Fräiheet, déi d'Iraker nom Stuerz vum Diktator kritt hunn, muss elo an déi gestaltend Hänn ënner anerem a virun allem vun der UNO, vun der Völkergemeinschaft kommen. D'Welt gehéiert net nëmmen engem, si gehéiert eis alleguer. Si muss an hirer ganzer Komplexitéit erfaasst ginn an dofir multipolar gefaasst ginn.

Well se eng multipolar Co-Propriétéit ass mussen d'Aufgabe gedeelt ginn, gedeelt no Sensibilitéiten a gedeelt no Kënnen. Zu dësem neien Denken - solidaresch Co-Gestioun a multipolarer Verantwortung - hu sech véier europäesch Länner - Frankräich, Däitschland, d'Belsch a Lëtzebuerg - den 29. Abrëll bekannt, wéi se d'Schafung vun enger europäescher Sécherheets- a Verdeedegungsspolitk gefuerdert hunn.

D'europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik ass eng zentral Aufgab, wann net déi zentral Aufgab vun där gewuessener Europäescher Unioun. Et ass no der Währungsunioun déi gréissten europäesch Ambitioun, déi eis Generatioun ze transportéieren an ze forméieren huet. D'Meenung, mir hätten Amerika ze vill, ass falsch. D'Iwwerzeegung, mir hätten net Europa genuch, déi ass richteg.

***(Interruption et hilarité)***

D'Meenung mir hätten Europa ze vill ass falsch. D'Iwwerzeegung mir hätten net Europa genuch ass richteg.

Plusieurs voix.- Oh, ah!

***(Interruption)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Dat hunn ech just gemaach fir eng massiv a breet Zoustëmmung vun der sozialistescher Fraktioun ze kréien.

***(Hilarité et interruptions)***

Une voix.- Op enger Plaz kënnt Dir se kréien.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Europa wäert net…

***(Brouhaha général)***

Et geet elo weider. Europa wäert net aus der transatlantescher Sécherheetsallianz austrieden - d'Bündnis an d'Frëndschaft mat Amerika si liewenswichteg.

***(Hilarité et interruptions)***

Si si liewenswichteg.

***(Hilarité)***

An dat ass och hei, deen Dag no den Attentater zu New York, vun alle Spriecher an dësem Haus, a vun deene meeschte méi wéi vu mir, feierlech a kräfteg gesot ginn an ënnerstrach ginn. D'Bündnis mat Amerika, d'Frëndschaft mat Amerika si liewenswichteg. Mä Europa wäert an der nordatlantescher Allianz a mat den Amerikaner zesummen där europäescher Sécherheets- a Verteidegungsdimensioun eng eegen a kredibel Identitéit musse ginn.

D'lëtzebuergesch Regierung huet dës Initiativ vum belsche Premier dozou mat gedroen. Well d'Plaz vu Lëtzebuerg ëmmer do ass wou méi Europa entsteet.

Méi Europa schafen, dat heescht net Europa zu engem militäresche Muskelprotz ze maachen. Méi Europa schafen, dat heescht eng kritesch Mass vun zivile politeschen an eben och militäresche Mëttelen ze alignéieren, fir datt Europa an der Welt a fir datt Europa vun der Welt zur Kenntnis geholl gëtt. Mir wëllen aus Europa keng Krichsmaschinn maachen. Ganz am Géigendeel: Mir wëlle weisen a beweisen datt de Krich keen normaalt Mëttel vun der Politik ass an et och net däerf ginn. Europa dréit bis haut d'Wonne vun deene Kricher, déi et onglécklech gemaach hunn.

Mä Europa huet dofir och eng konstruéiert Friddensexpertise mat där et d'Welt impressionéiert huet a virun impressionéiere wäert. Wann also ee wichtegt Stéck neit Europa entsteet - d'Europa vun der Verdeedegung an d'Europa vun der Sécherheet -, da muss Lëtzebuerg eng Kéier méi Grënnungsstat sinn. Mir waren nom Krich ee vun deene wéinegen déi gehollef hunn Europa grënnen. Mir waren ee vun deene wéinegen déi d'Wirtschafts- an d'Währungsunioun eescht geholl an eescht mat hir gemaach hunn, a mir hunn ëmmer Recht kitt, mir waren ëmmer bei deenen an Europa déi duerch d'Entwécklung Recht kritt hunn. Dat wäert dës Kéier bei der Sécherheet a bei der Verdeedegung net anescht sinn.

Mir ginn dës nei Aufgab mat eisen dräi direkten Noperen un. Mat deenen dräi, vun deene während den Irakkontroversen heibannen an dobausse behaapt ginn ass, si géife sech vun eis ofwenden. Dat war an dat ass erkennbar net de Fall. Dat weist déi gemeinsam Sécherheets- a Verdeedegungsinitiativ. Dat huet de Besuch vum däitsche Bundeskanzler iwwert de Weekend bewisen. Dat wäerten d'offiziell Visitë vum franséische Premier den 11. Juli a vum belsche Premier virun Ufank Summer zu Lëtzebuerg beweisen. Eis Bezéihunge mat eisen Nopere si sou gutt wéi ëmmer a vereenzelt si se sou gutt wéi nach ni virdrun.

Wann déi grouss Geschicht sech an e puer Joer ëmdréint, da wäert hire Bléck op den Irakkrich, seng Ufäng, seng Konsequenzen, falen. Mir wëssen haut nach net wat déi grouss Geschicht wäert gesinn, wa se dat kuckt, wat d'Geschicht vun eiser Zäit hannerlooss huet.

Mä wann déi kleng Lëtzebuerger Geschicht de Bléck no hanne riicht, fir déi lescht zwielef Méint ze kucken, da gesäit se eppes ganz aneschters. Deen Datum dee sech fir ëmmer an déi lescht zwielef lëtzebuergesch Méint ageschriwwen huet, dat ass den Datum vum 6. November 2002. Dat war den Dag vum Luxair-Accident. Dat war eng national Tragedie. Et war eng Tragedie fir déi déi ëm d'Liewe komm sinn an et ass eng Tragedie fir deen deen iwwerlieft huet.

Et ass opgefall an deenen zwou, dräi Wochen no deem Accident, datt mer op eng Aart a Weis, déi ee gespuert huet, jo bal gesinn huet, anescht mateneen ëmgaange sinn hei am Land. Well mer erlieft haten, datt et méi Wichteges gëtt wéi dat wat eis Dag an Dag aus ëmdreift an auserneen dreift. Mir hunn ugefaange méi Rücksicht openeen ze huelen. Mir hunn ugefaange méi verständnisvoll mat de klenge Feeler vun deenen aneren ëmzegoen. A mir hunn ugefaangen ze mierken, datt déi aner méi douce mat eisen eegenen Onzoulänglechkeeten ëmgaange sinn. Mir ware fir ee Moment besser gi wéi mer eigentlech sinn. Dat Openeenzougoen, dat Mateneendroen huet sech lues a lues - a wéi net anescht ze erwaarden - erëm aus eise kollektive Reflexer rausgeschlach.

Et wënscht ee sech Stécker dovunner erëm wa mer déi grouss Froe vun der Natioun diskutéieren. Well d'Autobiographie vun eisem Land, déi däerfe mer net verkritzelen. Mir musse se schéi schreiwen a mat Gefill.

Ech soen Iech merci, Här President.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech ginn Akt vum Här Statsminister Jean-Claude Juncker senger Déclaratioun. D'Diskussioun doriwwer geet u muer de Mëtten an der Sitzung um hallwer dräi. Fir de Moment ass d'Sitzung fir e puer Minutten ënnerbrach.

***(Interruption de la séance publique à 16.46 heures)***

*****

***(Reprise de la séance publique à 16.59 heures)***

D'Sitzung geet weider. D'Wuert freet den Här Niki Bettendorf. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

## 5. Dépôt d'une proposition de loi

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här President, ech erlabe mer laut Artikel 56 vun eisem Reglement eng Proposition de loi ze déposéiere betreffend eise Code de la route, wou et soll méiglech gi fir d'Polizei fir och kënnen en Examen op der Strooss ze maachen, wann illegal Drogen oder Psychotropë geholl gi sinn.

*- Proposition de loi 5164 portant modification de l'article 12 de la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques modifiée par les lois des 2 mars 1963, 17 avril 1970, 1er août 1971, 7 avril 1976, 7 juillet 1977, 31 mars 1978, 9 juillet 1982, 3 mai 1984, 28 janvier 1986, 8 avril 1986, 7 septembre 1987, 15 janvier 1991, 21 décembre 1991, 1er juillet 1992, 27 juillet 1993, 26 août 1993, 18 mars 1997 et du 5 juin 1998.*

M. le Président.- D'Chamber hélt Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Niki Bettendorf. Déi Proposition de loi gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

Den Här Jos Scheuer freet och nach d'Wuert.

## 6. Dépot d'une motion par M. Jos Scheuer relative à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, ech wëll eng Motioun deponéieren, déi sech op d'Autobunn an d'Saarland bezitt. Wär et méiglech dës Motioun zesumme mat där ze behandelen, déi den Här Strotz ofginn huet?

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la construction de la liaison autoroutière avec la Sarre constitue un maillon important du réseau routier transfrontalier du Luxembourg et de la Grande Région;*

*- considérant que l'autoroute de la Sarre contribuera à drainer la circulation encombrant actuellement les agglomérations luxembourgeoises de la région concernée;*

*- considérant que la qualité de vie des habitants de certaines localités est d'ores et déjà fortement compromise, tant par le flux continu des automobilistes transfrontaliers, qui viennent régulièrement se refournir en carburant, que par le trafic de transit;*

*- considérant que l'ouverture imminente de l'autoroute de la Sarre contribuera à intensifier le volume du trafic routier et que partant, en l'absence d'une station-service sur le tracé même de ladite autoroute, encore plus d'automobilistes iront s'approvisionner en carburant dans les localités avoisinantes;*

*invite le Gouvernement*

*- à se prononcer clairement pour l'installation d'une station-service sur le tracé de l'autoroute de la Sarre;*

*- à déterminer son emplacement et à planifier cette installation de manière à réduire au maximum les nuisances pour l'environnement humain et naturel;*

*- à prendre toutes les décisions afférentes et à présenter les plans y relatifs pour la rentrée parlementaire 2003, à savoir le 14 octobre prochain.*

*(s.) Jos Scheuer, Jean Asselborn, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux.*

M. le Président.- Merci.

## 7. 4635 - Projet de loi sur les marchés publics (suite)

Mir fuere mat eisem Ordre du jour weider. Nodeem de leschten Donneschden d'Diskussioun vum Projet de loi 4635 iwwert d'Marchés publics ofgeschloss ginn ass, komme mer haut zu deene verschiddenen Ofstëmmungen.

Den Här Jacques-Yves Henckes hat no der Interventioun vun der Madame Bauteminister 96 Amendementer zu dësem Projet agereecht. Den Här Henckes freet d'Wuert.

***Amendements 1-96***

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hate geduecht datt et wichteg wier en alternativen Text zum Gesetzesprojet vun der Regierung virzeleeë fir méi en einfacht, méi e prezist Gesetz ze hunn, an och fir op verschiddene Gebidder méi ze innovéieren a méi an d'Déift ze goen. Dofir hu mer Amendementer proposéiert.

Déi Amendementer stellen e Ganzt duer, et kann een net eenzel Artikelen erauszéien. Et ass eng global Alternativ zum Regierungsprojet an dofir wollte mer och der Chamber proposéiere fir an engem globale Vote iwwert d'Amendementer ofzestëmmen. Wa se géinge rejetéiert ginn, wäerte mer ons bien entendu d'Recht zréckbehale fir ënnert der Form vun enger Proposition de loi den Text nach eng Kéier eranzebréngen.

Une voix.- Dir hätt dat direkt sollen esou maachen.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, de Kolleeg Henckes proposéiert dass mer en bloc iwwert déi 96 Amendementer ofstëmmen. Dat ass eng vernünfteg Propositioun.

D'Madame Renée Wagener freet d'Wuert. Madame Wagener, Dir hutt d'Wuert.

Madame Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech muss soen dass ech et e bëssen eng speziell Aart a Weis fannen, nodeem mer eis d'lescht Woch hei net eens gi si mam ADR, fir et en bloc kënnen ofzestëmmen, dass dat dann elo op eemol awer méiglech ass. Natierlech arrangéiert et eis alleguerten, mä trotzdeem kann ech awer d'Fro stellen, ob dat net e bësse vill Spektakel war fir deen Inhalt, deen den ADR da schlussendlech wëllt hei verteidegen.

***(Interruptions)***

Ech muss och soen, dass mir als Gréng eis wäerten enthale bei deenen Amendementer, ob se elo en bloc oder eenzel ofgestëmmt ginn, well mer mengen dass ee sech dann hätt misse méi seriö kënnen och an der Kommissioun nach domadder ausernanersetzen. Ech weess dass den Här Henckes am Ufank ganz vill derbäi wor, um Schluss war dat net méi esou de Fall, mä esou wéi et gelaf ass, mengen ech, kann een net wierklech en connaissance de cause déi Artikelen do votéieren, well se jo net enger seriöser Analys ënnerworf gi sinn. Wéi gesot wäerte mir eis dofir als Gréng enthalen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Den Här Henckes ass deen Éischten, dee fräiwëlleg de Kapp ënnert d'Guillotine leet.

M. le Président.- Mir stëmmen iwwert déi 96 Amendementer elo of. De Vote électronique ass verlaangt.

***Vote***

Déi fir déi 96 Amendementer si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

Déi 96 Amendementer si verworf mat 34 Nee-, 6 Jo-Stëmmen an 18 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).*

*Ont voté non: M. Lucien Clement (par M. Nico Loes), Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Alexandre Krieps), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Agny Durdu), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Georges Wohlfart), Jeannot Krecké (par M. Jean Aseelborn), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;*

*M. Aly Jaerling;*

*MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Mir maachen elo d'Lecture vun den Artikele vum Projet de loi, esou wéi se vun der Kommissioun virgeschloe gi sinn.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 102 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun der Lecture vun den Artikelen ukomm a mir géingen elo iwwergoen zum Vote iwwert de virleiende Gesetzesprojet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4635 ass ugeholl mat 33 Jo-, 7 Nee-Stëmmen an 18 Abstentiounen.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement (par Mme Nelly Stein), Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Alexandre Krieps), Mme Maggy Nagel (par M. Emile Calmes), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Agny Durdu), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Ont voté non: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen).*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Georges Wohlfart), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean Asselborn), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da kéime mer elo zum nächste Punkt. Mir sinn a Presenz vun zwou Motiounen.

***(Interruption)***

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Kann ech dozou d'Wuert froen?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Déi aner sinn net méi verdeelt ginn.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Dat ware Motiounen zum Gesetz?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Jo, zum Gesetz, mä et ass kee Problem.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wollt just bemierken, dass d'lescht Woch vun eiser Säit zwou Motiounen a vun der Säit vun der LSAP eng Motioun agereecht gi waren zu deem heite Projet de loi. D'Madame Ministesch hat d'lescht Woch proposéiert mir sollen d'Motiounen an d'Kommissioun zréckgi fir se do nach eng Kéier ze kucken. Ech wollt just vun eiser Säit soen, dass mir domadder averstane sinn.

M. le Président.- Den Här Scheuer freet d'Wuert.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, ech mengen, och mir sinn domat d'accord, datt an der Kommissioun iwwert déi Motioune geschwat gëtt.

M. le Président.- Ass jiddfereen d'accord domat?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

***(Brouhaha général)***

Den Här Jean-Paul Rippinger freet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- A verschiddene vun deene Motiounen, déi ech elo net hei ënnert den Aen hunn, sinn Dispositiounen dran, déi Ministèrë concernéieren, notamment den Environnement, mat deenen eis Ministeren net d'accord sinn. Déi ginn dofir net besser, och wa se an d'Kommissioun renvoyéiert ginn. Duerfir proposéiere mir se ofzestëmmen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, mir schléissen eis der Propositioun vum Här Rippinger un. Déi Häre Biltgen a Goerens, un déi sech ënner anerem déi Motiounen zum Deel adresséieren, hunn eis gesot, datt si bereet wäre fir an d'Kommissioun ze kommen, fir iwwert d'Problematik ze schwätzen, mä esou wéi d'Motioune formuléiert si wäre se technesch net realiséierbar. Deementspriechend si se net ze stëmmen.

***(Interruption)***

Iwwert de Fong si si awer bereet, wann d'Kommissioun si invitéiert, mat hinnen ze diskutéieren.

M. le Président.- Also, wann ech gutt verstanen hunn, da ginn d'Motiounen 1 a 4 an d'Kommissioun an iwwert d'Motiounen 2 an 3 gëtt ofgestëmmt.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, den Här Rippinger huet proposéiert dass mer haut iwwert d'Motiounen alleguerten ofstëmmen an dat solle mer elo maachen.

***(Interruption)***

M. le Président.- D'Madame Wagener freet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech mengen et geet jo grad drëms, dass wa mer se an d'Kommissioun zréckgi fir nach eng Kéier driwwer ze diskutéiere wat do Sënn mécht a wat net a wéi mer eis kënne concertéieren fir an där Saach Neel mat Käpp ze maachen. Ech géif och mengen, datt et wierklech kee Problem wier, wann déi concernéiert Ministeren an och den Ëmweltminister mat do derbäi wären. Da kéinte mer eng konstruktiv Diskussioun hunn!

Wa mer se elo hei einfach mat der Guillotine ënnert den Dësch gestëmmt kréien, dann hu mer éischtens näischt geschafft an zweetens hu mer dann och net der Propositioun vun der Ministesch gefollegt, wat jo awer normalerweis bei der Majoritéit de Fall ass.

M. le Président.- De Vote ass vun der Majoritéit verlaangt. Da fänke mer un ofzestëmmen.

***Motion 1***

Fir d'éischt stëmme mer of iwwert d'Motioun 1.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

***(Interruptions)***

Déi Motioune sinn dach ausgedeelt.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wëll just drop hiweisen, dass d'Motiounen nach net verdeelt sinn, an dann hätt ech och nach gären eng Diskussioun driwwer. Mir hunn nach Riedezäit. Da gëtt nach driwwer diskutéiert!

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Mir kruten hei d'lescht Woch am Kader vun der Debatt gesot, datt déi Motiounen an d'Kommissioun solle versat ginn. Wann elo hei versicht gëtt se einfach mat der Aaxt ofzehaen, dann diskutéiere mer nach driwwer. Ech wëll drop hiweisen, dass mir nach masseg Riedezäit hunn. Da gëtt elo driwwer diskutéiert.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Den Här Jeannot Krecké freet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech muss soen, et ass en erstaunleche Virgang hei, wann een eng Propositioun erareecht, wann een diskussionsfreedeg ass a seet mir si bereet doriwwer ze schwätzen, da kann ech mech erënneren, dass anscheinend eng Majoritéit hei ugetrueden ass, déi dialogfrëndlech si sollt…

Plusieurs voix.- Jo.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- …an déi hei emol net iwwert eng Propositioun vun der Oppositioun schwätze wëllt. Si soen einfach nëmmen: Niet, hei schwätze mir net driwwer. Ech muss soen, dat ass e remarquablë Virgang zu dësem Zäitpunkt a mir wäerten och wëssen domadder ëmzegoen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- De Vote ass also verlaangt.

***(Interruptions)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Neen, Här President.

M. le Président.- Den Här Weiler an den Här Rippinger, d'Majoritéitsvertrieder, verlaangen, datt mer driwwer ofstëmmen.

***(Brouhaha général)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, mir hunn nach zwou Minutte vun eiser Gesamtriedezäit am Rescht an zéng Minutte vun de Motiounen. D'Madame Wagener wëllt déi zwielef Minutte benotze fir hir Motiounen ze erklären.

***(Interruption)***

M. le Président.- Madame Wagener, Dir kritt d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Ech bedaueren zwar e bëssen, datt mer elo an déi heite Richtung gaange sinn. Ech hat wierklech gemengt mir kéinten hei e Konsens fannen a vläicht sollt een och nach eng Kéier un d'Kolleegen an d'Kolleeginnen aus der Majoritéit appeléieren, ob mer net awer kënnen op dee Wee goen.

***(Interruptions)***

Jo, dat ass richteg, esou wéi den Här Statsminister dat och virdrun ugeschnidden huet.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Sidd elo roueg a loosst d'Riednerin schwätzen! Dir verlaangt eng Diskussioun an da loosst Der se net schwätzen!

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Ech wéilt dann awer meng Riedezäit notze fir ze explizéieren ëm wat et iwwerhaapt an deene Motiounen hei gaangen ass, well et ass jo nach méi absurd wann hei einfach driwwer ofgestëmmt gëtt an et ass emol net driwwer geschwat ginn, wat eigentlech dra stung.

Här President, an eiser éischter Motioun ass et am Fong drëms gaangen, well mir an eiser Analys vun deem Projet de loi vun de Marchés publics festgestallt hunn, dass eben eng ganz Rei vun deenen Dispositiounen, déi déi Critères écologiques et sociaux betreffen, kee bindende Charakter hunn, ee sech also d'Fro stelle kann, awéiwäit dass se sech herno

an der Praxis iwwerhaapt nidderschloen. Duerfir hu mer gemengt, vu datt jo awer och d'Lëtzebuerger Regierung eng ganz Rei vun Engagementer geholl huet op deem Niveau, wat den Développement durable betrëfft, wat d'Reduktioun vun de $CO_2$-Emissioune betrëfft an esou virun - ech ziele se elo net all op -, dass och aus deenen Engagementer am Fong misst ervirgoen, datt een awer méi konkret a méi voluntaristesch Politik mécht fir déi Ziler unzepeilen.

Duerfir hu mir dann och proposéiert, vu dass elo am Règlement grand-ducal déi Critères écologiques et sociaux zumindest emol als Kann-Bestëmmung dra stinn, dass een d'Gemengen an déi aner Acteuren, ech denken do un d'Statsverwaltungen awer och un d'Etablissements publics, emol drop opmierksam mécht, dass se déi Kritären applizéiere kënnen. Dat konnte se zwar virdrun och schonn, mä vill vun deenen Acteure waren awer doriwwer net am Bild, elo stinn déi Kritären explizit dran. An da sollte mer och higoen an iwwert de Wee vun enger Informatiouns- a Sensibilisatiounscampagne déi Acteuren dorop hiweisen an hinne vläicht och erkläre wéi se déi Kritäre konkret ëmsetze kënnen, zum Beispill wa se dann eben hir Cahiers des charges opstelle fir Appels d'offres ze maachen.

Zweetens hate mer och d'Regierung invitéiert fir e Cahier des charges-type auszeschaffen, wou déi Critères écologiques et sociaux fir déi verschidden Zorte vu Marchéen a verschidden Zorte vu Corps de métier da géifen dra figuréieren. Dat kéint dann een Deel si vun där aktiver a voluntaristescher Politik, déi ech virdrun ugeschwat hunn.

Här President, dat wor fir déi éischt Motioun an ech denken och, dass déi sech relativ staark mat där vun der LSAP iwwerschneit. E groussen Ënnerscheed oder vläicht och e wichtegen Oubli, dee bei eiser Säit ass, dat ass deen datt ee sech soll an där ganzer Ofwécklung mat den ONGe concertéieren. Dat schéngt mer wierklech e ganz wesentleche Punkt ze sinn an dat wäert och ee Grond sinn, firwat mer der LSAP hir Motioun wäerte kënne stëmmen.

Déi zweet Motioun déi mir nach eraginn haten, déi betrëfft engersäits den „ökologischer Leitfaden" an anerersäits den CRTI-B an den CRTE. Do ass et drëms gaangen, well mer e puermol an der Kommissioun iwwert déi heite Problematik diskutéiert haten an och gesot gi wor: Dat wäre Méiglechkeeten. Duerch déi doten Instrumenter kéint een zum Beispill den ekologesche Kritäre méi eng fest Plaz an dem Domän vun de Marchés publics ginn.

Mir stelle fest, dass den „ökologischer Leitfaden", deen et schonn zënter 1999 gëtt, zwar seng Preuvë gemaach huet, mä datt e mëttlerweil och misst erëm iwwerschafft ginn. E misst awer virun allem och eng gesetzlech Basis kréien. Dat anert ass, dass Lëtzebuerg sech 2001 e Règlement grand-ducal ginn huet wat d'Labels écologiques betrëfft, och dat wär e Moyen. An do derbäi kënnt, dass um Niveau vun der EU et och eng Direktiv gëtt zu deenen Eco-Labelen.

Duerfir invitéiere mer an där heiter Motioun d'Regierung fir dem „ökologischer Leitfaden" dann déi legal Basis ze ginn, déi e bis elo nach net huet, a fir en ze aktualiséieren an dann awer och - an dat schéngt mer wierklech ganz wichteg ze sinn - fir dass den CRTI-B an den CRTE den Optrag kréie fir Appels d'offres de marchés publics cahiers de charges-type auszeschaffen an dass déi Cahiers de charges-type dann och déi Materialen imposéieren déi am Leitfade genannt ginn. Dat heescht dass déi Cahiers de charges-type sech un ekologesche Kritären och orientéieren, wat hei leider haut nach net esou de Fall ass.

Datselwecht gëllt dann och fir d'Clauses techniques, wou den CRTI-B jo schonn eng ganz Rei dovun ausgeschafft huet. Ech erënnere just drun, dass d'Clauses techniques net nëmmen d'Marchés publics betreffen, dass déi am Fong iwwert de Kader vun deem heite Gesetz eraus ginn, mä dass déi Clauses techniques och vu privaten Adjudicateuren, wann een dat esou kann nennen, oder private Leit, déi wëllen Ouvragen ausféieren oder ausféiere loossen, gebraucht ginn. An deem Sënn ass dat also nach méi e vasten Domän wéi dee vun de Cahiers de charges-type an och do wéilte mer dass den CRTI-B an den CRTE géifen déi Clausen no ekologesche Kritären adaptéieren.

Een zweetleschte Punkt wär dann, dass och solle Clausen ausgeschafft gi fir aner Domäner, wéi d'Konstruktioun an d'Renovatioun vun öffentleche Gebaier.

An dee leschte Punkt, do kommen ech dann op déi Eco-Labelen, fir bei den Adjudicateuren an och bei de Corps de métiers eng Campagne d'information ze lancéieren, well déi bis elo nach vläicht net ganz vill am Gebrauch sinn a well dat awer e wichtege Moyen ass, fir och Normen an deenen heite Gebitter anzeféieren.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Ja, den Här Scheuer.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Merci, Här President. Ech bedaueren, datt d'Koalitioun, d'Majoritéit déi do Décisioun huele wëllt. Et ass bestëmmt net am Sënn vum Här Rapporteur, et ass och garantéiert net am Sënn vun der Madame Minister an et ass net am Intérêt vun deem Projet de loi a vum Suivi vun deem Projet de loi, dee gestëmmt ginn ass.

Mir haten zwou Differenzen. Dat eent war d'Differenz iwwert de Fonds du Logement an dat zweet war iwwert d'Ausschaffe vu sougenannte Critères écologiques a Critères sociaux. An dat steet relativ vague oder ganz vague an deem Projet de loi, a mir hunn décidéiert, datt een de Suivi géif maache vun deenen zwee Thermen. Also kucken, wéi een ekologesch Kritäre mat abaut an déi Cahiers des charges, wéi een d'Critères sociaux mat abaut a wéi een och ethesch Kritäre mat abaut. Dat ëmsou méi, well mer déi sougenannte Koalitioun net an d'Kommissioun geruff haten a mer nëmmen indirekt iwwer hire Pabeier geschwat hunn.

Mir hunn do eng Motioun gemaach, wou mer awer zum Dialog opfuerderen, an zwar soll de Ministère de l'Environnement iwwert d'Critères écologiques befannen an déi presentéieren, an natierlech un déi d'Adjudicatairë sech och hale sollen. An datselwecht gëllt da fir de Ministère de la Coopération - et ass evident, mir hunn och iwwer fairen Handel geschwat - an dat drëtt war dann, de Ministère du Travail soll bei de Critères d'adjudications iwwert d'Rechter vun den Aarbechter eis e Katalog, respektiv Kritäre virleeën. A mir haten nach gefrot datt mer eng Kéier sollte mat den Organisatioune schwätzen. Domat ass d'Diskussioun iwwert dëse Projet de loi eriwwer, dat schéngt esou ze sinn.

Ech soen nach eng Kéier - ech bedaueren dat, an ech weess net, wat den Här Rapporteur dozou seet, ech weess och net wat d'Madame Minister dozou seet - et ass ee vun deene wichtegsten déi mer an dëser Legislaturperiod gestëmmt hunn.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Strotz freet nach d'Wuert.

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Här President, zu deene Motiounen déi mer virleien hunn ass et selbstverständlech déi éischt, déi unzehuelen ass, d.h. déi wou dra steet, datt de Fonds du Logement d'Bestëmmunge vum CRTI-B soll respektéieren.

Zu der zweeter wëll ech soen, datt an der Kommissioun iwwert déi Problematik geschwat ass ginn. Ech hunn dofir als President vun der Travaux-publics-Kommissioun keng Problemer domat fir, déi nächste Kéier wou mer an der Kommissioun zesumme sinn, doriwwer ze diskutéieren, an dann eventuell e Bréif un déi dräi Ministèren ze schreiwen, fir Informatioune vun hinnen ze kréien.

***(Interruptions)***

Wat d'Motioun 3 ugeet, wëll ech soen, datt déi Campagne d'information schonn amgaang ass, datt um INAP demnächst eng vaste Campagne d'information uleeft, an datt an de Verwaltunge schonn déi nei Texter duerchgeholl ginn. Et gehéiert menger Meenung no selbstverständlech och dozou, datt een dann och iwwert d'Critères environnementaux et sociaux schwätzt. Ech mengen, déi Leit déi Coursen ofhalen, si jo onbefaangen an hu keng Viruerteeler vis-à-vis vun deene Bestëmmungen aus dem Gesetz oder Reglement, esou datt, wa se de Projet am Detail erklären, se dann och op dee Volet do ze schwätze kommen.

Den zweeten Alinéa vun där Motioun seet, fir fir verschidde Corps de métiers Cahiers des charges-types auszeschaffen. Ech wëll soen, datt den CRTI-B fir 36 verschidden Handwierksberäicher Clauses et conditions techniques festgeluecht huet,…

***(Interruptions)***

Loosst mech dozou kommen. Et geet Rieds an der véierter Motioun vum CRTI-B. Dir, Här Gira, waart als Remplaçant vun der Madame Wagener an der Kommissioun, wéi mer déi Diskussioun do haten. Den Här Hilger huet eis kloer gesot, datt nach keng europäesch Normen an deem Beräich géife bestoen an datt et dofir wichteg wier, den CRTI-B dermat ze chargéieren, fir den «ökologischen Leitfaden» ze iwwerschaffen an d'Clauses techniques vun där Matière festzeleeën. Also och dat ass um Lafen. Ech kann also net soen, datt dës Motioun superfétatoire ass, mä vu datt dës Problematik amgaang ass ausgeschafft ze ginn, ass d'Motioun trotzdem ofzeleenen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Henckes huet nach d'Wuert gefrot.

Une voix.- Da kucke mer an engem Joer wat da geschitt ass. Näischt ass da geschitt!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn e puer Motiounen hei virleien. Déi éischt - vun de Majoritéitsparteien - wou d'schlecht Gewëssen e bëssen eraus kënnt, datt se de Fonds du Logement aus dem Gesetz eraus geholl hunn a se en da wëllen incitéieren, fir d'Gesetzgebung, d'Regelen an d'Conditioune vum CRTI-B ze respektéieren.

Ech mengen u sech ass dat positiv, dass se sollen incitéiert ginn, mä et wier manifestement besser gewiescht, et hätt een et direkt an d'Gesetz gesat.

Dat zweet sinn déi Motiounen, déi hei vun de grénge Kolleegen era komm sinn a mat deene mer ganz vill Sympathien hunn, well mer mengen datt et wichteg ass, datt ekologesch Kritären an ethesch Kritäre solle festgehale ginn. Mä och do bréngen déi Motiounen eis näischt.

***(Interruptions)***

Neen, ech explizéiere mech woufir. Well mer am Gesetz net dra stoen hunn, datt déi Kritäre virdrun hierarchiséiert musse ginn. Dat heescht datt am Virfeld gesot gëtt, d'Critères écologiques musse respektéiert ginn, mä well keng Pondératioun a keng Hierarchiséierung do ass, kann herno bei der Auswäertung den Adjucataire esou décidéiere wéi e wëll.

Dat zweet ass, datt och keng Base légale am Gesetz virgesinn ass fir déi Kritäre virzehuelen. Et ass dat wat verpasst ginn ass hei an der Debatt. Mir hate proposéiert fir eng Base ze schafe fir iwwer Règlement grand-ducal esou Kritären a Regele festzehalen. Déi Méiglechkeet ass net dran, sauf wann ee géing e Cahier général des charges ausschaffen an dee Marché fir Marché adaptéieren. Ech gleewen awer net dass dat eng Technik ass, déi vum Gesetz hier méiglech ass.

Mir ënnersträichen dat Positiivt an de Motioune vun deene Gréngen, mä vu dass verschidden Dispositiounen ablécklech an der Praxis duerch dat Gesetz net ausféierbar sinn, wäerte mer ons bei dem Vote enthalen.

M. le Président.- Här Wohlfart, Dir hutt d'Wuert.

M. Georges Wohlfart *(LSAP).*- Här President, ganz kuerz.

***(Interruption)***

Här Rippinger, mir hunn nach Zäit. Wann Dir opgepasst hätt, da wéisst Der dat och. Mä dat ass nun emol Äre Problem.

Ech wollt just eppes soen nodeem ech de President a Kolleeg Nic Strotz héieren hunn zu onser Motioun Stellung huelen. Wann ech e gutt verstanen hunn – ech hu gutt nogelauschtert -, huet e mam Inhalt iwwerhaapt kee Problem, och kee Problem domat als President vun der Kommissioun, dass mer an der Kommissioun - an dat begréissen ech - sollen erëm eng Kéier diskutéieren, dofir verstinn ech awer net d'Argumentatioun firwat dass seng Fraktioun dann dës Motioun, wa se esou gutt ass, net soll stëmmen. Dat wollt ech just festhalen.

M. le Président.- Här Scheuer.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, ech wëll eppes zur éischter Motioun soen. Déi éischt Motioun, déi vun der Majoritéit agereecht ginn ass, beweist wat fir ee schlecht Gewëssen déi Majoritéit huet.

Si wëllen net an d'Gesetz abauen, dass de Fonds du Logement d'selwecht behandelt gëtt wéi aner Etablissements publics. Da kënnt eng Motioun wou dra steet: „incite le Fonds du Logement", fir esou ze maache wéi wann et am Gesetz sténg. Dat kann ee jo awer net stëmmen.

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, den Här Krecké huet bei senger Interventioun gesot, dat wier jo ganz schrecklech hei, dass d'Majoritéit déi Motiounen net wéilt diskutéieren, den Dialog, deen ëmmer prônéiert gëtt, d'Diskussiounsbereetschaft, alles dat wär net do.

Den Här Krecké ass scho fort. Elo wou mer dialogéieren, hätt ee kënnen dat mat him zesumme maachen. Ech wéilt awer just soen, dass mir zu kengem Moment gesot haten, dass mer net déi Motioune sollten diskutéieren, mä hate gesot, mir hätten haut gären e Vote driwwer. Mir wollte se just net renvoyéiert hunn an d'Kommissioun.

***(Interruption)***

Här Di Bartolomeo, ënnerstellt de Leit net ëmmer Saache wou Der selwer net dru gleeft.

***(Interruptions)***

Déi Häre Biltgen a Goerens, un déi sech hei eng Rei vu Fuerderungen adresséieren, hunn eis gesot dass, esou wéi et gefuerdert gëtt, et technesch net méiglech ass. Et ass net ronn ze kréien. Si sinn awer gäre bereet iwwert de Prinzip vun deem, wat an deene Motiounen dra steet, an der Kommissioun mat de Kommissiounsmemberen ze diskutéieren an ze kucke wat se kënnen erausventiléieren a wat méiglech ass.

Dir wäert elo awer net vun der Majoritéit verlaangen, dass mir haut eng Motioun hei ofstëmme wou eis Ministeren eis soen, dat dote bréngе mer technesch net ronn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Loosst den Här Weiler dach schwätzen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- An da wëll ech dem Här Wohlfart soen, dass selbstverständlech eng Rei vu Considératiounen an deenen eenzelne Motioune sinn - an dat ass och dat wat den Här Strotz ënnerstrach huet - mat deenen ee kann d'accord sinn. Dat wëllt awer net dat ausschléissen, wat ech virdru gesot hunn, notamment déi Schwieregkeeten déi d'Ministere gesi fir dat esou ëmzesetzen. Mir wäerten dofir, Här President, mat Ausnahm vun der Motioun 1, déi aner Motiounen oflehnen.

M. le Président.- Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee bei dësem Gesetz sech net un d'Spillregele gehalen huet, dann ass et d'Oppositioun.

***(Brouhaha général)***

Här President, d'Sozialiste schwätze wéi ëmmer mat zwee Mënner. Wann ech gesot hunn, dass d'Oppositioun sech net un d'Spillregele gehalen huet, do mengen ech notamment den ADR an den Här Henckes, deen eis iwwregens déi Sëtzung vun haut nach bescheert huet mat senge 96 Amendementer, déi en dann haut grousszügeg zréckgezunn huet.

Wat d'Motiounen ubelaangt, huet nach ni vun der Majoritéit een hei proposéiert oder gäre gehat, dass d'Oppositioun net däerft dozou schwätzen. Esou laang wéi Iech nach Zäit bleift, kënnt Der esou laang driwwer schwätze wéi Der wëllt a se exposéieren. Komescherweis geet et net ëm d'Motioune vun deenen, déi dee meeschte Kaméidi maachen, déi vun de Sozialisten.

***(Interruption)***

D'Solidaritéit, déi geet bei Iech heiansdo wäit.

Wann elo dat Gesetz, wat mer haut gestëmmt hunn, dräi Joer an der Kommissioun war, hat Der très largement Zäit fir doriwwer ze schwätzen. Ech hu mer soe gelooss, iwwregens vun de Membere vun der DP an där Kommissioun, dass ganz oft a ganz vill heizou geschwat ginn ass an dass och Engagementer geholl si gi vum Représentant vum Minister zu deem wat an deene Motiounen dra steet.

Ech muss Iech awer soen, wann de Minister vum Environnement a vun der Coopératioun eis seet, wat déi drëtt an déi véiert Motioun ubelaangt, do wär dat, wat do dra steet, schonn amgaang ëmgesat ze ginn, dann ass dat heite fir mech kale Kaffi.

Dat zweet Argument ass, wann ech d'Regierung opfuerderen an d'Chamber «à faire élaborer et à adopter dans un délai d'un an à partir de l'entrée en vigueur de la loi un règlement grand-ducal», de

Règlement grand-ducal 89, dat échappéiert jo souwéisou dem Contrôle vun der Chamber. Duerch d'Gesetz hu mer der Regierung schonn de Pouvoir gi fir dee Règlement grand-ducal kënnen auszeschaffen.

A wann den Här Scheuer heihinner kënnt an e wëllt vum Suivi schwätzen, de Suivi, dat ass eng ganz aner Saach. De Suivi, dat hätt ech verstanen, dass een eng Motioun erabruecht hätt an ee gesot hätt, an engem Joer kucke mer, oder a sechs Méint, wéi d'Applikatioun vun dësem Gesetz ass. Mä dat wat en op der Tribün gesot huet an dat wat an der Motioun steet, dat ass eppes ganz aneschters. Dat heescht de Suivi dovunner. De Suivi vun der Applikatioun vum Gesetz a vun der Exécutioun vum Règlement grand-ducal ass eppes ganz aneschters wéi dat wat hei an där Motioun steet. Wann Der eng Motioun erabruecht hätt, wou Der gesot hätt, d'Chamber soll de Suivi kontrolléiere bannent engem Joer, kënnt ech domadder liewen. Awer dat heiten, dat geet net an déi Richtung an dofir kënne mir déi dräi lescht Motiounen net stëmmen.

M. le Président.- Madame Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech muss awer elo hei protestéieren. Éischtens gi mir hei als Oppositioun attackéiert op engem Dossier, wou een awer wierklech muss soen, an dat kënnen d'Majoritéitsleit aus der Kommissioun sécherlech bestätegen, dass d'Oppositioun konstruktiv matgeschafft huet. Mir hunn eng ganz Rei vu Propose gemaach, an ech wëll net dass mer all matenaner an een Dëppe gehäit ginn. Dat emol dozou.

Zweetens wëll ech soen, dass den Här Rippinger net an där Kommissioun war an dass hien dofir ganz schlecht kann driwwer schwätze wéi mir do diskutéiert hunn, an dofir iwwerhaapt net weess op wéi engem Punkt mir an eisen Diskussioune waren.

Déi dräi Motiounen, déi mir hei presentéiert hunn, déi ginn am Fong just de Geescht vun deem erëm, wat mer all zesummen an der Kommissioun diskutéiert hunn. Dofir verstinn ech guer net, firwat déi do Reaktioun elo komm ass an ech sinn iwwerzeegt, wann de Fraktiounschef vun deene Liberalen dat doten net gemaach hätt, da wär och op der Säit vun der CSV ganz kloer d'Positioun gewiescht fir déi Motiounen an d'Kommissioun zréck ze ginn. Eigentlech war do eng ganz grouss Eenegkeet.

An ech wéilt och dem Här Weiler soen, dee virdru gemengt huet, et wäre Ministeren net d'accord mat verschiddene Punkten, ebe grad dowéinst, well mer déi Bereetschaft haten, wore mer d'accord fir d'Motiounen zréck an d'Kommissioun ze ginn.

Ech stelle just fest, dass et hei an deem Parlament eng Fraktioun gëtt, déi anscheinend net wëllt a Richtung goe vu méi Ekologie an de Marchés publics, an dat sinn déi Liberal.

Merci, Här President.

***(Coup de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwert d'Motiounen of.

***Motion 1***

De Vote électronique ass verlaangt fir d'Motioun 1, déi vum Här Strotz abruecht ginn ass.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass ugeholl mat 33 Jo-, 8 Nee-Stëmmen a 15 Abstentiounen.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement (par M. Nico Loes), Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Théo Stendebach), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Ont voté non: M. Mars Di Bartolomeo;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Georges Wohlfart), Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

***Motion 2***

Da stëmme mer elo of iwwert d'Motioun 2 vun de Sozialisten.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass verworf mat 32 Nee-, 18 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Georges Wohlfart), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: M. Lucien Clement (par M. Nico Loes), Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).*

Da komme mer zur Motioun 3 vun deene Gréngen.

***Motion 3***

Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 3.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 3 ass verworf mat 34 Nee-, 16 Jo-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Jeannot Krecké (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: M. Lucien Clement (par M. Nico Loes), Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Emile Calmes), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp.*

Da komme mer elo zur Motioun 4 vun deene Gréngen.

***Motion 4***

Mir stëmmen dann elo of iwwert d'Motioun 4 vun deene Gréngen.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 4 ass verworf mat 34 Nee-, 18 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké (par M. Jos Scheuer), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean Asselborn), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: M. Lucien Clement (par M. Nico Loes), Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Théo Stendebach), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Emile Calmes), Mme Maggy Nagel (par M. Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen).*



Dann hu mer d'Motioun vum Här Strotz iwwer eng Tankstell op der Saarautobunn, wou och den Här Scheuer eng Motioun an deem Sënn erabruecht huet. Déi ass och ausgedeelt ginn. Mir sinn also a Presenz vun zwou Motiounen. Den Här Strotz freet d'Wuert.

## 8. Motions de M. Nicolas Strotz et de M. Jos Scheuer relatives à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Här President, vu dass mer elo a Presenz vun enger zweeter Motioun hei sinn, déi vum Här Scheuer déposéiert gouf, stellen ech engersäits fest, dass mer e relativ grousse Konsens an dësem héijen Haus hunn, wat de Bau vun enger Tankstell ugeet, mä vu dass awer d'Considéranten an och d'Dispositiounen net alleguerten direkt am Aklang matenee sinn, wéilt ech proposéieren dës zwou Motiounen an…

***(Hilarité)***

…d'Kommissioun ze verweisen.

***(Brouhaha général)***

M. le Président.- Den Här Bausch huet nach d'Wuert gefrot. Nom Här Bausch kritt den Här Gibéryen nach d'Wuert. Den Här Bausch huet d'Wuert.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Ech géif ëm Är Opmierksamkeet bieden. Den Här Bausch huet d'Wuert. Déi aner sollen nolauschteren.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech géif der Lëtzebuerger Revue proposéieren déi Sëtzung vun haut de Mëtteg, virun allem de Schluss vun dëser Sëtzung, direkt an hire Programm opzehuele fir d'nächst Joer, well déi ass cabareträif. Wat mer elo hei erliewen, dat ass wierklech Cabaret éischter Klass.

***(Interruptions)***

D'lescht Woch, Här President, huet d'Madame Minister an hunn och d'Majoritéitsparteien hei gesot si wiere bereet konstruktiv iwwert déi Motioune vu virdrun an der Kommissioun ze diskutéieren. Elo grad hu mer missen erliewe wéi dat ofgelaf ass an elo kënnt den Här Strotz a seet déi Punkten, déi haut um Ordre du jour stoungen, déi haut diskutéiert gi sollten, déi misst hien elo an d'Kommissioun ginn. Anscheinend wier d'Argument dofir dat, well den Här Scheuer eng erabruecht hätt, déi ähnlech wier.

Här President, ech hunn hei d'Impressioun - a mäi klenge Fanger seet mer dat an ech menge mäi klenge Fanger huet schonn oft an esou Saache Recht behalen -, dass et guer näischt mam Här Scheuer senger Motioun ze dinn huet, mä dass et domadder ze dinn huet dass verschidde Leit bei der Demokratescher Partei kal Féiss kritt hu par rapport zu där Motioun, déi den Här Strotz d'lescht Woch erabruecht huet. Ech stelle mat gréisserem Interesse fest, Här President, dass d'Buergermeeschtesch vu Mondorf, déi jo nach mat ënnerschriwwen huet op där Motioun vun der leschter Woch, haut net hei ass. Dat huet seng Grënn menger Meenung no, Här President, déi dran ze siche sinn…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Här Bausch, et ass net un lech dat hei ze kommentéieren, wann en Deputéierten aus iergendengem Grond net hei ass. Esou eppes kann ee jo awer net esou einfach behaapten. Dat geet jo awer net.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, den Här Weiler huet datselwecht mam Här Krecké gemaach.

M. le Président.- Dann hunn ech dat iwwerhéiert.

***(Brouhaha général)***

Et ass fir ee wéi fir deen aneren, mä loosst den Här Bausch elo emol fäerdeg schwätzen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, da wëll ech lech an der Chamber soen, dass ech et net gutt fannen dass d'Madame Nagel de Mëtteg net hei ass, ouni si ze kritiséieren, grad wou mer sollen iwwert déi wichteg Motioun do diskutéieren, déi si jo mat ënnerschriwwen huet d'lescht Woch.

***(Interruptions)***

Selbstverständlech däerft Dir mir eng Fro stellen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här Bausch, ech sinn der Meenung dass dat do eng béiswëlleg Ënnerstellung ass, well Der nëmmen d'Madame Maggy Nagel hei ervirrufft, mä zwee aner Signatairë sinn och net hei, den Här Clement an den Här Belling, well se fir d'Chamber am Ausland sinn. An dofir fannen ech dat wat Der gesot hutt net richteg.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här Rippinger, ech soen lech merci fir d'Explikatiounen. Ech bleiwen awer bei menger Meenung dass d'Madame Nagel dann ebe frou ass, dass se haut am Ausland ass an net muss hei sinn, …

***(Hilarité)***

…well mir jo alleguerte wëssen dass d'Madame Nagel d'Speerspëtzt zu Mondorf war fir géint déi Tankstell ze sinn am Osten, déi elo soll verlaangt ginn hei. Ech mengen, dass ech duerfir awer richteg leie mat menger Annahm, dass effektiv déi dote Motioun elo net an d'Kommissioun geet, well den Här Scheuer eng Géigepropos hei gemaach huet, mä well Divergenzen an der Majoritéit bestinn op där heiter Fro, an dat ass den eigentleche Grond.

Mä wéi gesot, et wonnert eis jo hei eigentlech an där doter Fro näischt méi. Wann et ëm wichteg Saache geet, wann et ëm Saache geet wou souguer Fraktioune vun der Oppositioun hei proposéiere fir konstruktiv diskutéieren ze kënnen an der Kommissioun mat alle Bedeelegten, da gëtt dat ofgeleent. Wann et awer ëm de Klengkrich geet tëschent de Majoritéitsparteien, da musse mer zréck an d'Kommissioune goen. Ech stellen dat op alle Fall nach eng Kéier hei fest.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet d'Wuert gefrot.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech menge mir waren d'lescht Woch jo awer alleguerten e bëssen iwwerrascht wéi mer déi Motioun vun de Kolleege vun der CSV an der DP hei kruten, wou d'Parlament d'Regierung dran opfuerdert fir op der Saarstrooss eng Autobunn ze bauen...

***(Hilarité)***

…fir op der Saarstrooss eng Tankstell ze bauen.

Une voix.- Et ass en däregen Dossier.

***(Hilarité)***

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech wollt just kucken, ob Der géingt nolauschteren.

Mir wëssen alleguerten, dass dat en Dossier war iwwert dee laang gestridde ginn ass, a mir wësse virun allem dass virun de leschte Chamberswahlen eng Partei, d'Demokratesch Partei, am Osten an engem Eck Politik domadder gemaach huet fir géint déi Tankstell op der Saarstrooss Propaganda ze maachen, Biergerinitiativen ze ën-

nerstëtzen, Ënnerschréfte sammelen ze goen a Versammlungen ze organiséieren, an eng vun deene Persounen, déi do d'Haaptroll gespillt huet, war nun emol natierlech d'Buergermeeschtesch vu Mondorf, d'Madame Nagel.

An duerfir ware mer jo grad esou iwwerrascht hei d'lescht Woch nun op eemol eng Motioun ze kréien, déi vun der Madame Nagel ënnerschriwwen ass, wou dra steet d'Regierung gëtt opgefuerdert fir esou séier wéi méiglech eng Tankstell op der Saarstrooss ze bauen.

***(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)***

Här President, wann haut d'Majoritéit elo hei hikënnt, nodeem se virun enger Véirelsstonn refuséiert huet fir der Oppositioun oder verschiddenen Oppositiounsparteien hir Motiounen an eng Kommissioun ze verweisen, wou se gesot hat et misst een iwwert déi Motiounen diskutéieren a wou déi Partei domat d'accord war, fir dass an der Kommissioun sollt iwwert déi Motioun diskutéiert ginn, esou ass dat hei awer e Paradox wéi ech en nach ni hei am Parlament erlieft hunn, dass eng Partei oder zwou Parteien eng Motioun eraginn an d'Parlament an da soen: Kommt mir huele se elo an d'Kommissioun, well mir diskutéieren nach gären driwwer. An dobäi ass d'Motioun esou kloer wéi se nëmme ka sinn. Et kann een héchstens se elo erëm ofänneren, dass ee seet: Kommt mir bauen awer keng Tankstell oder eng hallef, oder ech weess net wat.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Här President, fir dass dëst Parlament sech awer net ganz der Lächerlechkeet muss higinn, géife mir op jidde Fall hei proposéieren dass mer haut sollten iwwer déi Motioun ofstëmmen. Ech mengen et ass alles gesot an ech mengen d'Madame Nagel ass och net béis wa mer déi Diskussioun haut hei féieren a wa mir de Vote huelen, well da kann si nach ëmmer zu Mondorf an der Géigend soen: Ech war net do wéi gestëmmt ginn ass, well ech hätt bestëmmt awer eng aner Meenung gehat wéi dat wat do an der Motioun dra steet. Ech mengen et ass also wichteg, dass mer op der Saarstrooss eng Autobunn kréien…

***(Hilarité)***

…eng Benzinsstatioun kréien, well alleguerten déi Leit, déi op enger Autobunn wunne wou keng Benzinsstatioun ass, déi wësse wat fir e Verkéier do an d'Dierfer, an d'Uertschaften dévéiert gëtt. A wa mer op der Saarstrooss déi Benzinsstatioun do net kréien, da sinn all d'Dierfer laanscht déi ganz Saarstrooss vun der Musel bis op Diddeleng an op Beetebuerg eriwwer dovunner betraff, dass d'Autoe wäerten eroffueren, a mir wäerten et och souguer net packen d'Camionen op der Autobunn ze behalen. Och déi wäerten eroffueren.

An dofir, wann een eng Autobunn baut, da muss een och de Courage hunn, Här Asselborn, fir eng Tankstell op déi Autobunn do ze bauen, a well dat sech elo vill ze vill laang higezunn huet a vill an deem Dossier gestéiert ginn ass, war ech awer elo der Meenung, dass mer wierklech hei e gudde Schratt géife maache mat der Motioun, déi vun der Majoritéit hei deponéiert ginn ass. Duerfir géif ech mengen, dass mer gutt géifen drun doe wa mer se haut géifen hei zum Vote brëngen an dofir, Här President, stelle mir formell den Antrag, dass déi Motioun haut hei zum Vote kënnt.

M. le Président.- Den Här Scheuer freet d'Wuert.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, ech wäert dat dote kaum méi steigere kënnen.

***(Hilarité)***

Dat ass och net meng Absicht, mä ech schléisse mech awer ville Wierder vu mengem Virriedner un. Ech bedaueren och, dass d'Kolleegen aus deem Eck do uewen net hei si fir kënne Positioun ze huelen, mä mir froen och e Vote.

Ech wëll den Här Strotz berouegen, wann hie sech ausernee gesat huet mat der Motioun, déi mir erabruecht hunn. Et ginn nëmmen zwou Differenzen tëschent der Majoritéitsmotioun an där Motioun, déi mir abruecht hunn. Éischt Differenz ass, Dir versicht e puer Projet-deloien ze maachen. Zweet Differenz ass, Dir setzt keen Datum dran.

Déi Motioun, déi d'Majoritéit erabruecht huet, ass eng Motioun mat där d'DP an d'CSV iwwert déi nächst Wahlen ewechkommen. A genau dat wëlle mer net. Wann Dir net bereet sidd en Datum dran ze setze fir ze soen dann an da muss et ugoen, net nëmme mam Konzept, deen ass ewell laang do, mä mam Bau, an en Emplacement muss definéiert ginn, esou laang kritt Der net gegleeft dass Der eng éierlech Absicht hei dobäi hutt.

Ech hunn an d'Motioun dra geschriwwen, dass d'Regierung eis soll Opklärung ginn iwwert den Emplacement, iwwert d'Installatioun, déi gemaach gëtt bis deen Dag wou d'Chamber ugeet. Dat ass de 14. Oktober. Dat ass en Délai, deen hält d'Verwaltung ënner Garantie an. Esou vill Viraarbechten, wéi an dësem Dossier geleescht gi sinn, sinn nach a kengem aneren Dossier geleescht ginn. Wann nach Saachen ausstinn, da muss ech soen, dann huet d'Verwaltung, dann huet de Ministère awer an deenen dräi Joer geschlof an hien huet e Klengkrich gefouert, deen der Saach absolut schädlech ass.

An da wollt ech nach zu engem Projet de loi eppes soen, dee soll ofgeännert ginn, nämlech d'67er Gesetz wat sollt ofgeännert ginn, do sinn ech carrément dergéint. Ech si carrément dergéint, well do geet et ëm d'Prerogative vun de Gemengen. Do geet et ëm d'Autonomie communale. Do geet et drëm, wann e Buergermeeschter sech aus der Verantwortung zéie wëllt a säin Duerf oder säin Territoire vis-à-vis vun aneren, vun enger Regioun oder engem nationale Projet ofschotte wëllt.

Ech verstinn dee Buergermeeschter, deen dat mécht, mä ech verstinn net d'Deputéierten, déi sech dréinen a kéiere fir keng Positioun ze huelen a wou een deem aneren et dohi schubst. Esou kann et net sinn! Dat ass eng schlecht Politik, déi duerch déi heite Motioun ageleet gëtt. Mir froen de Vote.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Rippinger freet nach d'Wuert an da kënnt d'Madame Minister.

***(Interruptions)***

Et ka jo vun all Säit een e Wuert dozou soen.

***(Interruptions)***

Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Et ass eng Propositioun hei fir driwwer ofzestëmmen a mir proposéieren déi zwou Motiounen an d'Kommissioun ze ginn.

***(Hilarité)***

Dir kënnt domm laachen, mä dat huet jo dach guer kee Wäert.

***(Hilarité et interruptions)***

Ma neen, ech wollt Iech emol soe firwat.

Une voix.- Dat wësse mir schonn.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech fannen et e Procès d'intention vis-à-vis vun deenen dräi Kolleegen, déi haut net hei sinn. Éischtens emol géigeniwwer vun der Madame Nagel, déi am Ausland ass an déi och concernéierte Buergermeeschter ass a fir déi den Här Scheuer elo eng Lanz gebrach huet, esou wéi géigeniwwer vun deenen zwee anere Signatairen, wouvun deen een an engem Schäfferot ass zu Réimech an deen anere Buergermeeschter zu Réimech ass, déi a Griichenland si fir d'Chamber. Dat heescht déi kënnen also haut net hei sinn…

***(Interruptions)***

…fir dozou Stellung ze huelen. Si hunn awer hiren Numm, souwuel d'Maggy Nagel wéi de Jeannot Belling, ënnert dës Motioun gesat, well se mat dem Prinzip d'accord sinn a well mir als Fraktioun mat dem Prinzip d'accord sinn, an ech brauch Iech net ze soen dass den Henri Grethen als Minister vun der Ekonomie och domat d'accord ass. Dir kënnt eis also net an eng Kontradiktioun brëngen, weder mat eis selwer nach mat eisem Koalitionspartner.

Elo wëll ech Iech awer eppes soen, dat ass dat wat den Här Scheuer virdrun ugedeit huet: Et geet hei och ëm d'Autonomie communale, notamment an deem leschten Alinéa, dee proposéiert gëtt. Ech sinn der Meenung, dass een do awer emol misst driwwer diskutéieren, ob entweder de Buergermeeschter alles blockéiere kann oder awer ob dat ouni hien ze froen oder ob dat ouni Concertatioun mat de betraffene Gemengen, wéi dat an dësem leschten Alinéa steet, gemaach gi kann.

Zweetens liesen ech Iech emol e Passage vir aus dem Emile Calmes sengem Rapport iwwert d'Nohaltegkeet, dee jo och akzeptéiert ginn ass. Do steet hei dran: « Par ailleurs, elle se réfère, la commission, aux discussions ayant eu lieu lors du conseil ECOFIN du 4 juin 2002 au cours duquel le sujet de l'harmonisation des droits d'accises était à l'ordre du jour.

Le résultat de ces discussions pourrait bien perturber durablement la situation particulière dans laquelle se trouve notre pays en matière de tourisme pétrolier. Il pourrait se montrer assez vite que la construction d'une éventuelle station d'essence supplémentaire sur notre réseau routier s'avère superflu. » Dat heescht also, och an deem Rapport ass ganz besonnesch op déi Schwieregkeeten higewise ginn.

An da gëtt et nach e ganz anere wichtege Punkt, deen net an dem Dispositif steet.

***(Interruptions)***

Et gëtt nach e wichtege Punkt, deen net an der Motioun steet a wou ech déi Inconscience vu verschiddene Leit heibanne mer net virstelle kann, well mer jo wësse wat d'Nuisancë si vun där Statioun op der Aire de Berchem. Et geet keng Rieds vun den Eaux usées. Wat maache mer mat deenen? Wou steet dat dann an der Motioun?

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Loosst de Riedner schwätzen! Hien huet Iech jo och nogelauschtert. Ënnerbriecht hien dach net dauernd. Hien huet dach d'Recht seng Meenung hei ze soen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Mir hunn déi Motioun erabruecht, well mer mat deem wat do steet a wat och mat eisem Accord do dra stoe komm ass, der Konstruktioun vun enger Benzinsstatioun op der Autobunn an d'Saarland, d'accord sinn. Mat deem politesche Prinzip si mir d'accord, mä mir hätten awer gären, dass gewëssen Aspekter iwwert den Emplacement, iwwert d'Eaux usées an iwwert d'Autonomie communale géingen diskutéiert ginn.

***(Interruptions)***

Et ass awer komesch, dass ausgerechent déi Gréng…

***(Interruptions)***

Wéi ass et da mat de minus 28% vun den $CO_2$-Emissiounen? Doriwwer steet och näischt dran. Do kéinte mer och nach driwwer diskutéieren.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Dat heescht also, dës Motioun wëllt ganz kloer soen, dass mer eis bekennen zu der politescher Décisioun, zum Prinzip fir eng Benzinsstatioun op d'Saarautobunn ze bauen.

***(Interruption)***

Voilà, mä do derniewent kommen awer eng ganz Rei vu Problemer, déi op stinn, déi een awer net elo direkt all kann an eng Motioun setzen.

***(Interruptions diverses)***

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Här President, däerf ech dem Här Rippinger just hëllefen?

***(Brouhaha général)***

Här Rippinger, Dir selwer, mat der CSV, gitt eng Motioun hei eran, an Dir wëllt de Mëtteg déi Motioun op den Ordre du jour gesat hunn. Mir sollen iwwert déi Motioun ofstëmmen. Dann dierft Der Iech dach elo net iwwert déi Leit heibannen, déi net an der CSV oder an der DP sinn, iergeren, well Dir nach wëllt iergendeppes hannendru setzen. Wann Dir eng Motioun eragitt, da musse mer se jo och kënne stëmmen an Ären Aen, oder net?

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Hei ass ganz vill Rieds gaange vun deene Buergermeeschteren, déi concernéiert sinn, déi net hei sinn. Ech hätt vill léiwer, mir géinge se op en aneren Datum reportéieren, wou déi da kënne Positioun dozou bezéien. Ech hunn do guer kee Problem, an da gesi mer jo wéi de Vote ausgeet. Ech hunn net gäre wann hei Kolleegen aus menger Fraktioun an de Mond geholl ginn an Ënnerstellunge gemaach kréien, si wären net hei, si géinge géint hir Ënnerschrëft goen an esou virun. Also, dann hätt ech léiwer mir géinge se op muer reportéieren, an da gesi mer jo da wat mer maachen.

M. le Président.- Den Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Also, Här President, ech muss soen, et ass jo awer wierklech schonn erstaunlech wéi kuerzsichteg d'Bewosstsäin vu verschiddene Leit ass. De leschten Donneschdeg ass déi Motioun hei vum Här Strotz déposéiert ginn am Kader vum Ausschreiwungsgesetz. An am Prinzip, wann net den Här Henckes säin Numero gemaach hätt de leschten Donneschdeg hei, deen dozou gefouert huet, dass d'Sëtzung am Chaos gëendegt ass, an dass mer doduerch déi Motioun do vergiess hätten ofzestëmmen, da wär se leschten Donneschdeg ofgestëmmt ginn, Här President. An dofir, déi Argumenter, déi haut hei vum Här Rippinger kommen, déi mat Sécherheet grouss Zoustëmmung fanne vun eis, well déi komme vu mengem Kolleeg Camile Gira. Hien huet dofir gesuergt dass déi deemools an dee Rapport sollen dra gesat ginn. Déi fanne grouss Zoustëmmung bei eis.

Ech hu jo nach kee Wuert gesot vun eiser Meenung zu deene Motiounen, mä ech hu mech just opgereegt iwwert d'Aart a Weis wéi Der hei mam Parlament a mat eis ëmgitt, nämlech dass Der higitt an Donneschdes eppes erabréngt, wat wahrscheinlech lettre à la poste hei gestëmmt gi wär, wann net deen Duerchernee gewiescht wär um Enn vun der Sëtzung. An da stellt Der dräi Deeg duerno fest, Här Rippinger, an Ärer Fraktioun, duerch Interventioune vun Äre Fraktiounskolleegen, datt Der eigentlech eppes ënnerschriwwen hutt, wou Der net méi kënnt dozou stoen, an da kommt Der eis hei gäre wäismaachen haut an der Sëtzung, dat wär elo well ee misst déi dote Saachen alleguerten iwwerleeën an dofir misst zréck an d'Kommissioun ginn. Dat ass d'Realitéit, an et deet mer Leed, Här Rippinger, Dir hätt sollen Iech déi ganz Prozedur de Mëtteg, och bei deene Motioune virdrun, besser iwwerleeën. Dir hätt dat och sollten d'lescht Woch besser iwerleeën, an net einfach esou blannemännerchers Saachen ënnerschreiwen. Da géingen Iech esou Blamagë wéi haut de Mëtteg hei erspuert bleiwen.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- Den Här Weiler huet d'Wuert. An da loosse mer emol d'Madame Minister schwätzen. Jo, d'Madame Minister kënnt direkt nom Här Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Also Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wär frou wa mer no där laanger Debatt, déi mer elo bei de Motioune vu virdrun a vun deenen heite gefouert hunn, a wou mer nobausse keen terribel gutt…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dorunner sidd Dir awer ganz eleng Schold!

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Also Här Di Bartolomeo, Dir sidd ëmmer ganz schnell do mat Scholdzouweisunge fir déi aner. Bei Iech selwer kënnt Der ni kieren, an et ass awer masseg do ze kieren. Dir kritt relativ grouss Kéip zesummen, wann Der emol géift e bësse méi vrun Ärer Dier kieren an net ëmmer nëmmen deenen aneren d'Schold zouweisen, wann eppes schief geet.

Ech wëll Iech soen, Här President, ech hätt gären, datt mer elo emol erëm Rou an déi Debatt hei kréien an zesumme kucke wéi mer mat deene Motiounen hei ëmginn.

Mir hunn als Majoritéit d'lescht Woch eng Motioun eraginn. Den Här Strotz huet déi déposéiert, zesumme mat der Demokratescher Partei, wou mer eis fir de Prinzip ausschwätze vun enger Tankstell, dass den Här Gibéryen gären eng Tankstell op der Saarautobunn hätt. D'Sozialiste brëngen eis haut och eng, wou se an déiselwecht Richtung ginn. Wann ech dat richteg heibanne gesinn, mat Ausnahm vum ADR, wou ech elo nach net vill héieren hunn, sinn déi grouss Fraktiounen heibannen am Prinzip d'accord. Bei deene Gréngen denken ech, datt et Reserven dozou ginn. Den Här Bausch huet sech elo net quant au fond ausgedréckt, en huet sech méi quant à la procédure ausgedréckt.

Ech denke jo dass mer eis awer elo kënnen eens ginn. Mir hunn zwou Motiounen hei, wou am Prinzip, wat de Fong ubelaangt, datselwecht gefuerdert gëtt. Dobäi geet awer d'Motioun, déi d'Majoritéit abruecht huet, a verschiddene Punkte méi wäit, an notamment am leschten Tiret gëtt gefrot, dass gesetzlech Ännerunge komme fir d'Kompetenzen an deem ganze Beräich vun den Autobunnen a vun den Accessoirë vun den Autobunnen ze klären. Do ass guer net gesot, dass Kompetenzen de Gemengen ewech geholl géife ginn, wat hei scho gefäert ginn ass.

***(Interruption)***

Här Scheuer, ech hunn Iech virdrun net ënnerbrach, loosst mech och elo meng Ausféierungen hei maachen. Ech gesinn, esou wéi dee leschten Dispositif formuléiert ass, gëtt gesot, dass an deem Text soll eng Clarificatioun vun de Kompetenze gemaach ginn. Ob déi an déi Richtung geet, hu mer largement Zäit fir eis driwwer ze ënnerhalen. Ech hätt gären, dass mer quant au fond, well mer quant au fond d'accord sinn an där Chamber hei iwwert dat wat mer wëllen, war eis Id-

di, an dofir hu mer proposéiert an d'Kommissioun, mir mussen dat awer net an der Kommissioun maachen. Mir kënnen och déi zwou Motiounen hei op aacht Deeg op d'nächst Sitzung oder op en Donneschdeg, mir ass dat och nach an der Rei, renvoyéieren, an da kucke mer zesumme mat de Kolleege vun der sozialistescher Fraktioun, dass mer vläicht e gemeinsamen Text kréien, dee mer an enger grousser Unanimitéit an der Chamber kënne stëmmen.

Dorëms geet et, ëm net méi geet et. De Rescht quant au fond, denken ech, dass mer eis eens ginn, a wa meng Propos akzeptéiert gëtt, en Donneschdeg nom Etat de la Nation, oder am Kader vun der Debatt iwwert d'Motiounen, déi zum Etat de la Nation virbruecht ginn, komme mer op déi Motiounen hei zréck, an da kucke mer an der Tëschenzäit ob mer mat de Kolleege vun de Sozialisten eng Fusioun vun deenen zwou gudde Motiounen, déi mer virleien hunn, kënne virhuelen. Da brauche mer keng Kommissioun, dat kënne mer alles hei am Parlament maachen.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Minister Erna Hennicot-Schoepges, déi scho wéi laang de Fanger an d'Luucht gestreckt huet. Ech mengen, et ass fir d'Madame Minister net schlecht wa se héieren huet wat d'Deputéierte vun deenen diverse Parteien dozou ze soen hunn. Da ka se gläich Stellung huelen.

Wann een tëscht dem 27. am Lenzmount an dem 21. am Fréileng mam Zuch an d'Stad koum, wor et onméiglech dem visuellen Impakt vun enger sexistescher Plakatausstellung, mam Numm „Tabuzone - Plakatoffensive gegen Männergewalt", am zentralen Hol vun der Gare ze entgoen. Männer ginn an dëser Ausstellung kollektiv als gewalttäteg an als potentiell Vergewalteger duergestallt a vu Bestietnes a Famill gëtt systematesch en äusserst negatiivt Bild gezeechent. Deelweis kann een eng richteg Hetzpropaganda an dëser Ausstellung ausmaachen. Hei nëmmen e puer vu ville Beispiller déi dëst beleeën:

Eng Foto vun enger Foussgängerunterführung ass mat folgendem Haasstext beschriwwen: „Liebe Männer! Ich wünsche Euch einmal die Angst, die ich hier haben muss." Eng grouss rout Iwwerschréft iwwer engem Textpanneau déclaréiert: „Frauen sind nirgends sicher". Op enger weiderer Affiche gëtt suggéréiert, datt Frae sech bewaffne missten, andeems de Contenu vun der Handtäsch vun enger Fra gewise gëtt, deen e Stiechmesser enthält - Titel: „mit den Waffen einer Frau". Offe sexistesch ass dëse Plakatsproch: „Die besten Argumente haben Männer mit Promille!".

Och Wäertvirstellunge vun eiser Gesellschaft ginn an den Dreck gezunn. Dat judeo-chrëschtlecht Gebot, „Du sollst deinen Vater und deine Mutter ehren", gëtt op eng korrosiv-sarkastesch Manéier déclinéiert: „Du sollst den Vater ehren, Du sollst die Mutter ehren, Du sollst den Onkel Franz ehren, Du sollst den Klaus von nebenan ehren, (...)" a klenggedréckt gëtt da gewarnt: „Ehre wem Ehre gebührt!" a 75% vun alle sexuelle „Gewalttaten" géinge vum vertrauten Ëmfeld ausgoen. En anere Panneau beléiert: „Am häufigsten ist der Täter der Mann an ihrer Seite, der Ehemann." E weidere suggestiven Text iwwer eng Mann-Frau-Bezéiung ass: „Sie wollten es beide. Es war ihre Entscheidung. Und es war eine wundervolle Erfahrung. Anfangs." Interessant ass och dee Panneau, deen zwou Pëppercher als Hochzäitskoppel weist an iwwerschriwwen ass: „drum prüfe wer sich ewig bindet ... oder wie aus Traumhochzeiten Alpträume werden". Bezeechnend un dësem leschtgenannte Panneau ass en Akt vu Vandalissem, deen dës Ausstellung provozéiert huet. Hei gouf de Kapp vum Bräitchemann, a just deen, ofgekraazt ...

Dës Wanderausstellung gouf vum Fraeministère subventionéiert. Ab dem 30. Mee gëtt se och nach am Kierchbierger Kinoskomplex gewisen. Et ass net fir d'éischt, datt Campagnë vun dësem Ministère Froen opwerfen *(cf. question parlementaire N°1504 de M. Jean Colombera du 28 janvier 2002 - compte rendu N°5/2001-2002)*. Den ideologesche Geescht, deen hannert dëser Ausstellung steet, ass bal mat den Hänn ze gräifen, mä e koum och schonns a Campagnë vun anere Ministèren zum Ausdrock *(cf. question parlementaire N°1100 de M. Gast Gibéryen du 19 avril 2001 concernant la sculpture „Gëlle Fra" - compte rendu N°15/2000-2001)*. Et handelt sech ëm eng neo-marxistesch Denkrichtung, entwéckelt vu marxisteschen Intellektuellen, déi, enttäuscht iwwert d'Scheitere vu kommunistesche Revolutiounen am Westen, als Léisung, getrei dem Antonio Gramsci, de „langen Marsch durch die Institutionen" gepriedegt hunn, well fir d'éischt d'westlech Kultur ëmgeformt misst ginn - da géing de Kapitalismus vun alleng zesummestierzen. Institutionaliséiert gouf dës Schoul mam „Institut für Sozialforschung" (déi sou genannt "Frankfurter Schule", gegrënnt 1923), déi éischt Fuerschungsinstitutioun fir „wëssenschaftleche Marxismus" un enger däitscher Universitéit. D'Theorie déi entwéckelt gouf nennt sech „Kritische Theorie". D'Zil ass destruktiv Kritik vun alle wesentlechen Elementer vun der westlecher Kultur vu Famill iwwer Chrëschtentum, Patriarchat a Patriotissem bis Ethnozentrissem a Brauchtem. Nimm wéi de George Lukács, de Max Horkheimer, den Theodor Adorno, den Erich Fromm, de Wilhelm Reich an den Herbert Marcuse gehéieren zu hire prominenteste Vertrieder.

Och de moderne Feminismus mat senger ganzer männer- a familljefeindlecher Rhetorik kann een dëser kulturrevolutionärer Beweegung zourechnen. Verschidde vertrueden These si renge Marxismus - z.B. déi vum Andrea Dworkin, déi d'Bestietnes als Institutioun, déi vun der „Praxis der Vergewaltigung herrührt", definéiert, sou wéi dat och dës Ausstellung uklénge léisst, oder d'Fuerderung vun enger Linda Gordon: „Die Kernfamilie muss zerstört werden!"...

Dës Ausstellung an allgemeng déi jorelaang gesellschaftspolitesch Stoussrichtung vun der Regierung géint traditionell Wäerter vun eiser Gesellschaft, werft ëmmer méi, a bei ville Matbierger, eng ganz Rëtsch Froen op:

1. Ass sech d'Mme Minister der Ideologie bewosst, déi sou Ausstellungen a Campagnen animéiert?
2. Wéi ass déi Ongereimtheet ze erklären, datt vu gewësse Ministèrë versicht gëtt aktiv ëmerzéiend op eis Gesellschaft Afloss ze huelen, während anerer nëmmen allzeoft déi „allgemeng gesellschaftlech Entwécklung" entschëllegend als Fatalitéit duerstellen?
3. Ass d'Mme Minister sech bewosst, datt déi genannten Ausstellung d'Gefiller vu ville Matbierger a Bezuch op d'Bestietnes an d'Famill blesséiert huet?
4. Ass d'Mme Minister sech bewosst, datt dës Austellung d'reliéis Gefiller vu ville Chrëschten an och Judde blesséiert huet?
5. Ass d'Mme Minister sech bewosst, datt dës Ausstellung alt erëm vill Männer blesséiert huet, déi sech hei pauschal ugegraff an diffaméiert gesinn, wat hirersäits ze enger gewësser Batternes féiert?
6. Wëllt d'Mme Minister op dësem Wee weiderfueren, gëtt dës Campagne weidergefouert a gëtt et net aner, manner aggressiv a pauschaliséierend Weeër fir géint „häuslech Gewalt" ze sensibiliséieren?
7. Hunn net och vill Männer z.B. Angscht an enger däischterer Unterführung a sinn et net grad d'Männer, déi déi grouss Majoritéit vu Gewaltopfer stellen a gi wierklech all a just d'Männer aggressiv, wa se Alkohol drénken? Wier et dofir net méi ubruecht gewiescht, eng allgemeng Campagne géint d'Gewalt u sech als Konfliktléisungsmëttel ze lancéieren, amplaz aggressiv Campagnëe géint Männer ze maachen?
8. a) Ass dës Ausstellung net, ewéi duergeluecht, als sexistesch ze condamnéieren?

   b) Wier esou eng Ausstellung och esou allgemeng toleréiert ginn, wa se sech esou offe géint eng aner gesellschaftlech Grupp geriicht hätt, wéi z.B. iergendeng auslännesch Communautéit, Fraen oder Behënnerter?

   c) Wier et net esou lues un der Zäit e Männerministère an d'Liewen ze ruffen, fir d'Interessen an d'Wäertschätzung vun der gréisster Lëtzebuerger Minoritéit, de Männer, ze schützen an e gewëssen „équilibre des armes" ze schafen?
9. Sinn esou Ausstellungen net éischter kontraproduktiv zu hirem offiziell déclaréierten Zil, a wéi ass déi vum Fraeministère gefördert Ideologie mat enger kohärenter Politik vum Familljeministère ënnert een Hutt ze kréien?
10. Wéi évaluéiert d'Mme Familljeminister, ënnert dem Androck vum erneite Réckgang vun de Gebuertenzuelen am Joer 2002 - 2,1% laut Statec -, folgend Aschätzung vun esou enger Gesellschaftspolitik: „eine unmittelbare Folge des Feminismus ist allem Anschein nach der unwiderrufliche Rückgang der Geburtenziffern. Nationen, die feministische Politik betreiben, spielen mit dem Feuer." (Katarina Runske, 1990)?

Réponse (2.6.2003) de Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine:*

Een Zil vun dëser Regierung ass et, konsequent géint d'Gewalt an eiser Gesellschaft virzegoen. D'Regierungserklärung vun 1999 hält fest, datt e Gesetz géint häuslech Gewalt kënnt, an datt do deen, deen d'Gewalt ausübt, aus dem Haus ausgewise ka ginn. Ausserdeem ginn d'Strofe gehéicht.

Firwat: D'Gewalt am Stot ënnerlung joerelaang engem Tabu.

Wann doheem geschloe ginn ass, war dat e private Familljesträit. Fir op dëse Mëssstand opmierksam ze maachen, huet de Ministère op där enger Säit e Gesetzesprojet ausgeschafft an deen 2001 déposéiert.

Parallell leeft zënter 1999 eng Campagne géint d'Gewalt géint d'Fraen a Kanner, déi vu villen Associatioune gedroen an ënnerstëtzt gëtt, dorënner och reliéiser.

D'Kathoulesch Kierch steet op der Säit vun deenen déi Ënnerstëtzung brauchen an am Fall vun häuslecher Gewalt sinn dat ouni Fro an éischter Stell déi Persounen, déi dës Delikter erdroe mussen.

D'Männer kënnen och häuslech Gewalt erleiden, fir si gëllt dann datselwecht wéi fir d'Fraen.

Et ass mir en Haaptuleies, datt d'Männer sech bewosst ginn, datt mer hei mat engem méi spezifesche Männerproblem ze dinn hunn, deen een net méi soll verheemlechen. Vill Männer huele ganz kloer Positioun géint d'Gewalt, an ënnerstëtzen eis Campagne a fille sech net ugegraff.

Hei e puer Zuele fir ze ënnerleeën.

International Statistiken erginn, datt eng Fra vu fënnef an hirem Liewe Gewalt vun hirem Partner erdréit. Zuelen aus Éisträich vun 2002 wou schonn zënter 1997 e Gesetz géint häuslech Gewalt besteet, weisen, datt 95% vun den Opfer Frae sinn, an datt 95% vun den Täter Männer sinn. Mir hunn et hei scho ganz kloer mat enger 'Gender'-Problematik ze dinn.

Et ass wouer, datt bei 75% vun alle Gewaltdelikter d'Opfer Männer sinn, an datt hei 98% Täter och Männer sinn. Duerfir ass et ganz erstaunlech datt Aktiounen, déi op spezifesch Gewaltproblematiken an der Gesellschaft opmierksam maache sollen, hei als 'Hetzcampagne' ofgestempelt ginn.

Question 2161 (28.4.2003) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant les mesures de sécurité autour des ambassades des Etats-Unis, de la Grande-Bretagne et d'Espagne:

Fir d'Ambassadë vun deenen am Irak krichféirenden Natioune viru Krichsgéigner an Terroruschléi ze schützen, goufen imposant Sécherheetsvirriichtunge virun dëse Gebaier installéiert an och d'Stroosse virun dëse Gebaier ofgespaart. Mëttlerweil awer ass den irakesche Régime gestierzt an de Krich géint den Irak ass eriwwer, mä d'Sécherheetsmesurë sinn nach net signifikativ gelackert ginn. Dës Mesurë sinn awer besonnesch fir d'Awunner vun dëse Quartieren an och fir déi Leit, déi do schaffen, méi wéi penibel. De Schutz vun den Ambassadë bënnt och vill Personal vun eise Sécherheetskräften, dat anerwäerts gutt gebraucht kéint ginn.

Dofir dës Froen:

1. Wéini ginn déi gespaarte Stroosse virun de betraffenen Ambassaden erëm op?
2. Ass d'Uschlagsgefor tatsächlech nach esou grouss ewéi zur Zäit vum Irak-Krich, datt esou e massive Sécherheetsdispositiv weider néideg ass?

Réponse (27.5.2003) de M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur:*

Depuis le 2 mai 2003 le dispositif de sécurité a été ramené au niveau d'avant-guerre en Irak. Mis à part les sites requérant un besoin constant de protection renforcé, comme l'Ambassade des Etats-Unis d'Amérique et l'Aéroport du Findel, un tel dispositif allégé ne devrait pas engendrer des inconvénients majeurs pour la population concernée.

A l'heure actuelle, la police grand-ducale ne dispose d'aucune information concrète sur la préparation éventuelle d'un attentat terroriste au Luxembourg. Néanmoins, un tel risque ne peut jamais être totalement exclu, comme le prouvent les récents attentats perpétrés aussi bien en Arabie Saoudite qu'au Maroc, de sorte que les forces de l'ordre restent très vigilantes et sauront prendre, le cas échéant, les mesures qui s'imposent.

Question 2164 (29.4.2003) de M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)* concernant la nouvelle procédure de remboursement de la „TVA-Logement":

En réponse à ma question parlementaire N°1481 du 14 janvier 2002 y relative *(cf. compte rendu N°6/2001-2002)*, M. le Ministre des Finances affirmait avoir chargé ses services et l'administration compétente, de procéder à une analyse systématique des procédures définies au règlement grand-ducal du 21 décembre 1991 concernant la «TVA-Logement», ceci en vue de réduire dans la mesure du possible les délais d'attente des citoyens ayant introduit une demande remboursement. Effectivement le Gouvernement a, avec le règlement grand-ducal du 30 juillet 2002, allégé la procédure en autorisant des entreprises agréées par l'Administration de l'Enregistrement de facturer directement au taux de 3% les travaux de reconstruction, d'agrandissement et de rénovation. Pourtant, la prévision du Gouvernement que les délais de remboursement seront substantiellement raccourcis ne semble pas s'avérer. En effet, l'administration compétente se trouve désormais surchargée de travail et ne traite les dossiers tombant sous l'ancien régime qu'au compte-gouttes. Le retard dépasse largement les deux années. Apparemment le délai pour la mise en compte de la TVA à récupérer par les entreprises se fait attendre également.

Je me permets donc de poser les questions suivantes:

I. Est-ce que les dossiers tombant encore sous l'ancien régime de remboursement de la TVA ne devraient pas être traités de façon prioritaire?

II. Pour quelle raison les délais ne se réduisent-ils pas?

III. Quel premier bilan M. le Ministre tire-t-il de la nouvelle procédure de remboursement?

IV. Quelles sont les modalités d'approbation et les délais de remboursement de la TVA pour les entreprises ?

Réponse (4.6.2003) de M. Jean-Claude Juncker, *Ministre des Finances:*

Une des priorités absolues de l'administration compétente consiste à traiter dans les meilleurs délais les dossiers tombant encore sous le régime du règlement grand-ducal du 21 décembre 1991, pour ainsi réduire les délais de remboursement.

Contrairement aux craintes de l'honorable député, le bureau compétent ne traite pas ces demandes au compte-gouttes. Sans négliger le contrôle et malgré d'innombrables déclarations incomplètes, ledit service a toutefois réussi, en guise d'exemple, à procéder à la liquidation de 1.077 dossiers au cours du seul mois d'avril 2003 (T.V.A. à rembourser: 11.118.424,80 euros ou 448.516.149.- Flux), alors que la moyenne n'était que 600 à 700 dossiers par mois avant la restructuration du bureau.

Il va sans dire que le retard ne dépasse plus les deux années. Bien au contraire, les délais se réduisent de mois en mois, du fait que les demandes déposées en deux mois sont désormais traitées en un seul.

Quant à la troisième question, il y a lieu de préciser que la nouvelle procédure ne consiste pas dans un remboursement, mais qu'il s'agit d'une application directe du taux super-réduit à certains travaux de création et de rénovation effectués dans l'intérêt d'un logement affecté à des fins d'une habitation principale. Bon nombre d'entreprises (jusqu'à cette date 1.285 entreprises différentes) appliquent déjà le système introduit par les dispositions légales du 30 juillet 2002. La popularité de la mesure est soulignée par le fait que le bureau d'imposition compétent a émis 10.423 agréments dans les six premiers mois après l'entrée en vigueur des nouvelles dispositions.

Pour les demandes d'agrément correctement remplies, la décision est transmise à l'entreprise et au client endéans les 5 jours ouvrables. Lorsque, dans le chef d'une entreprise, pour une période de déclaration, le montant de déductions dépasse celui de la taxe sur la valeur ajoutée due, le report respectivement la restitution se font conformément aux dispositions généralement applicables, telles qu'elles sont définies par l'article 55 de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée.

**Compte rendu des séances publiques**
**N° 17 – Session ordinaire 2002-2003**

57e séance, mercredi 21 mai 2003
58e séance, jeudi 22 mai 2003
59e séance, jeudi 22 mai 2003
60e séance, mardi 3 juin 2003

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

*Conseil Interparlementaire Consultatif de Benelux:*

# Premier bilan des travaux de la Convention européenne

Le Conseil Interparlementaire Consultatif de Benelux s'est réuni en séance plénière au Sénat de Belgique à Bruxelles les 27 et 28 juin 2003. Sous la présidence de M. Jean-Marie Happart, les parlementaires des trois pays du Benelux se sont penchés sur une série de sujets d'actualité avant de rendre hommage à M. Ady Jung, ancien Président de cette Assemblée parlementaire, appelé aux fonctions de Conseiller d'Etat. Pendant 14 ans, M. Jung était un des piliers du Parlement Benelux, par son engagement et les diverses fonctions qu'il y occupait. Il sera remplacé par Mme Nelly Stein, tandis que M. Nico Loes prendra sa relève comme Président de la délégation luxembourgeoise et en tant que Président de la Commission des Affaires économiques, de l'Agriculture et de la Pêche. M. John Schummer quant à lui, assure les fonctions de Vice-président de l'Assemblée pendant la session en cours.

Lors de la séance du vendredi, 27 juin 2003, consacrée en partie au thème de la coopération des pays Benelux dans le domaine de la politique extérieure et de la Constitution européenne, M. Jean-Luc Dehaene, ancien Premier Ministre belge et Vice-Président de la Convention européenne, a présenté au Conseil Interparlementaire les conclusions de sa participation à l'élaboration de la Constitution européenne. Selon M. Dehaene, la Convention a donné un nouveau souffle à l'Europe qui franchit ainsi un pas important par rapport au Traité de Nice. Le Ministre belge des Affaires étrangères, M. Louis Michel, également présent lors de ce débat, s'est félicité du résultat obtenu, preuve de la grande maturité du débat européen.

La Chambre des Députés était représentée par l'ensemble de la délégation luxembourgeoise aux séances plénières d'été dont l'ordre du jour reflétait notamment les travaux de la Commission des Affaires économiques, de l'Agriculture et de la Pêche, sous présidence luxembourgeoise.

**Un ordre du jour bien fourni**

Le ralentissement économique au sein du Benelux, l'importance du secteur touristique, la protection juridique des inventions biotechnologiques, la protection des produits agricoles et la pollution par les nitrates ont autant retenu l'attention que la circulation des personnes, la politique énergétique et les résultats d'un séminaire sur le patrimoine culturel.

L'Assemblée a également parlé budget et pris connaissance des réponses des trois Gouvernements beneluxiens à des recommandations approuvées antérieurement par elle. Certains points de l'ordre du jour nécessitant un complément d'information, ont été reportés à la session d'hiver.

Dans le cadre de cette session, les membres du Parlement Benelux furent reçus par le Bourgmestre de Bruxelles et par la Présidente du Parlement bruxellois.



*(de gauche à droite) Mme Lydia Mutsch, M. Claude Frieseisen, M. Nico Loes, M. Jeannot Belling, M. Camille Gira, M. John Schummer, Mme Nelly Stein, M. Ady Jung, M. Pierre Dillenburg.*

# Visite de parlementaires russes à la Chambre des Députés



En date du 29 juin, une délégation composée en partie de députés russes, membres de la Douma d'Etat, a été reçue à la Chambre des Députés par le Président M. Jean Spautz. L'échange de vues informel - auquel participaient également, du côté luxembourgeois, MM. John Schummer, député, et Claude Frieseisen, Secrétaire général - s'est situé dans le contexte d'un séminaire organisé par l'Organisation internationale du Travail en coopération avec la Fondation russe pour les réformes sociales au sujet du "soutien social aux travailleurs et gestion des ressources humaines dans les entreprises en restructuration à l'instar de l'industrie du fer et de l'acier".

Le Ministère du Travail et le siège d'Arcelor étaient les deux autres étapes des députés et experts russes en déplacement à Luxembourg, avant de poursuivre leur voyage d'études en Belgique.

# Travaux des commissions parlementaires

Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

## Le rôle de l'Etat

Le 26 juin 2003, le Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative, M. Joseph Schaack, a présenté aux membres de la commission parlementaire compétente une étude relative au rôle de l'Etat au Luxembourg.

L'étude réalisée par deux professeurs de droit constitutionnel à l'Université d'Aix-Marseille III, MM. André Roux et Guy Scoffoni, préconise le modèle d'un "Etat garant" régi par les principes de subsidiarité, de régulation et de solidarité. Elle plaide en faveur d'une clarification du rôle et des missions de l'Etat, d'une amélioration de ses structures et d'une modernisation de ses services.

M. Schaack a qualifié l'étude "d'extrêmement utile". Elle permettrait au Gouvernement d'entamer une réflexion approfondie sur le sujet.

Les commissions sont chargées d'examiner les projets et propositions de loi, les amendements et motions que le Président de la Chambre leur renvoie. Elles ont le droit de présenter elles-mêmes des propositions et des amendements. Elles ont également pour mission de préparer des débats, d'organiser des auditions publiques et non publiques ainsi que des visites et de poursuivre toute activité rentrant dans le cadre de leurs attributions.

*(Art. 21 du Règlement de la Chambre des Députés)*

*Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe:*

# Que l'UE devienne membre associé du Conseil de l'Europe!



*(de gauche à droite) M. Norbert Haupert, Mme Mady Delvaux-Stehres, Mme Lydie Err, M. Marcel Glesener, M. Gusty Graas.*

"L'Union européenne doit devenir un membre associé du Conseil de l'Europe. Un premier pas a déjà été fait en ce sens lorsque la Convention a soutenu l'idée d'une adhésion de l'Union à la Convention européenne des droits de l'homme. Il faut cependant aller plus loin: L'Union renforcerait considérablement la crédibilité du soutien qu'elle apporte au droit international si elle adhérait à l'instrument qui constitue à bien des égards le mécanisme international juridiquement contraignant le plus complet et le plus étendu du monde. Les conventions et traités du Conseil, au nombre de près de 200, servent en effet de modèle et de source d'inspiration aux Nations Unies et aux organisations régionales." Tels ont été les mots de Monsieur Peter Schieder, Président de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe, lors de sa déclaration à l'ouverture de la 3e partie de la session 2003.

En effet le débat d'urgence relatif à la Convention sur l'avenir de l'Europe et le Conseil de l'Europe ainsi que celui relatif aux menaces qui pèsent sur la Cour pénale internationale ont été parmi bien d'autres les points forts de la susdite session de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe, réunie à Strasbourg du 23 au 27 juin 2003, et à laquelle ont assisté MM. Gusty Graas et Marcel Glesener, respectivement Président et Vice-Président de la délégation luxembourgeoise ainsi que les membres Mmes Lydie Err et Mady Delvaux-Stehres et M. Norbert Haupert.

*Visite iranienne à la Chambre des Députés:*

# La démocratie à l'iranienne



*M. Niki Bettendorf et les membres de la délégation iranienne*

Au cours de ses différents entretiens à la Chambre des Députés, le Président de la Commission de la Sécurité nationale et des Affaires étrangères du Parlement iranien (Majlis), M. le Dr. Mohsen Mirdamadi, accompagné d'une délégation, a plaidé la cause du modèle démocratique prôné par le Président iranien Chatami.

Il s'agirait de concilier les valeurs démocratiques occidentales avec les traditions et coutumes religieuses de l'Iran, a-t-il dit: "Si nous réussissons à mettre en place un tel système, il pourrait servir de modèle à tous nos voisins."

M. Mirdamadi a exprimé sa satisfaction face aux résultats des interventions sous conduite américaine en Afghanistan et en Irak, sans pour autant approuver la façon de procéder des Etats-Unis. En ce qui concerne plus particulièrement la situation d'après-guerre en Irak, l'hôte iranien s'est prononcé en faveur de la mise en place rapide d'un gouvernement irakien.

M. Mirdamadi a été reçu successivement par M. Jean Spautz, Président, et M. Niki Bettendorf, Vice-Président de la Chambre des Députés, ainsi que par une délégation de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense composée de MM. Paul Helminger, Jean-Paul Rippinger, Claude Wiseler, Laurent Mosar et Jacques-Yves Henckes.

# Fête nationale



Le Te Deum solennel célébré le 23 juin 2003 en la Cathédrale Notre-Dame de Luxembourg en présence des membres de la Famille grand-ducale était comme tous les ans le point culminant des festivités organisées dans le cadre de la Fête nationale du Grand-Duché de Luxembourg.

La Chambre des Députés y était représentée de même que le Gouvernement, les autres corps constitués ainsi le corps diplomatique accrédité auprès du chef d'Etat luxembourgeois.

**Chamber TV**

**um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)**

*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

**um Réseau vun der Coditel**

*um Kanal S 29*

*och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*

# NOUVELLES LOIS

## 4991 - Projet de loi

**portant modification de certains articles du code pénal**

Le projet de loi a pour objet de modifier trois articles du Code pénal, à savoir l'article 52, qui a trait à la tentative de crime en général, l'article 476, qui concerne la tentative de vol ou d'extorsion, et l'article 376, qui est relatif au viol ayant causé la mort de la victime.

1) L'article 52 du Code pénal, qui énonce le principe d'après lequel la tentative de crime est punie de la peine immédiatement inférieure à celle du crime même, et qui établit un échelonnement des peines, est complété compte tenu de la loi du 13 juin 1994 sur le régime des peines, qui a introduit un nouvel échelon dans les peines criminelles, à savoir la réclusion de 20 à 30 ans.

Désormais la réclusion de 20 à 30 ans est la peine immédiatement inférieure à la réclusion à vie, tandis que la réclusion de 15 à 20 ans est la peine immédiatement inférieure à la réclusion de 20 à 30 ans, les échelons suivants étant maintenus.

Ainsi la réclusion de 10 à 15 ans reste la peine immédiatement inférieure à la réclusion de 15 à 20 ans; la réclusion de 5 à 10 ans reste la peine immédiatement inférieure à la réclusion de 10 à 15 ans; et enfin, l'emprisonnement de 3 mois au moins reste la peine immédiatement inférieure à la réclusion de 5 à 10 ans.

2) L'article 476 du Code pénal, qui punit la tentative de vol ou d'extorsion, est complété en ce sens que la tentative de vol ou d'extorsion accompagnée d'un meurtre ne sera désormais plus punie seulement de la réclusion de 15 à 20 ans, mais de la réclusion à vie.

3) L'article 376 du Code pénal est complété en ce sens que si une tentative de viol a causé la mort de la victime, la peine sera la réclusion de 15 à 20 ans, et que le meurtre commis pour faciliter la tentative de viol ou pour en assurer l'impunité sera puni de la réclusion à vie.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 10.07.2002

Rapporteur: M. Laurent Mosar

Travaux de la Commission juridique (Président: M. Laurent Mosar):

| | |
|---|---|
| 17.03.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 30.04.2003 | Présentation et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 04.06.2003

## 5072 - Projet de loi portant

**1. modification de l'article 46 et de l'article 56-2 de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire, et**

**2. introduction des articles 37-2 et 78-2 dans la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif**

Le projet de loi 5072 a un triple objet:

a) préciser les dispositions de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire relatives à l'accès au fichier informatique de jurisprudence tenu au service de documentation et à l'accès à la bibliothèque centrale de la magistrature, aux fins de résoudre certains problèmes pratiques;

b) modifier l'article 56-2 de la même loi relatif aux assesseurs des tribunaux du travail en doublant le nombre des assesseurs-employeurs et des assesseurs-salariés, en vue d'augmenter la disponibilité des assesseurs et de permettre une meilleure répartition des charges, et en abandonnant la condition de résidence des assesseurs, là encore en vue d'augmenter la disponibilité des assesseurs;

c) compléter la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif en y insérant des dispositions permettant le remplacement des magistrats bénéficiant d'un congé sans traitement.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 18.12.2002

Rapporteur: M. Patrick Santer

Travaux de la Commission juridique (Président: M. Laurent Mosar):

| | |
|---|---|
| 30.04.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation du projet de loi |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 14.05.2003 | Adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 04.06.2003

## 5073 - Projet de loi

**modifiant la loi du 21 juin 1999 autorisant l'Etat à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers**

Le projet comporte une première série d'adaptations de la loi spéciale de financement du 21 juin 1999 autorisant l'Etat à participer au financement de la modernisation des infrastructures hospitalières.

En effet, il s'avère aujourd'hui que la concrétisation des projets, l'affinement des plans et des devis, l'introduction de modifications ainsi que la prise en considération d'exigences nouvelles et plus contraignantes imposées par l'Inspection du travail et des mines se répercutent sur les montants inscrits à la loi et mettent en évidence la sous-estimation des enveloppes prévues dans la loi précitée.

Les modifications proposées par le présent projet concernent les infrastructures suivantes:

1. La modernisation de la Clinique pédiatrique auquel s'ajoute le projet pour la mise en sécurité de la Maternité Grande-Duchesse Charlotte.

2. L'Institut national de cardiologie et de chirurgie interventionnelle (INCCI) au Centre hospitalier à Luxembourg aux fins de régularisation du dépassement de l'enveloppe autorisée par la loi de financement.

3. Le projet de modernisation de la Clinique d'Eich.

4. Le projet de nouvelle construction de la Clinique Dr Bohler sur le même site que l'hôpital général de la Fondation François-Elisabeth au Kirchberg.

5. Le projet d'agrandissement du Centre national de radiothérapie François Baclesse.

Dépôt par M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, le 18.12.2002

Rapporteur: M. Marco Schroell

Travaux de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale (Président: M. Niki Bettendorf):

| | |
|---|---|
| 16.01.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation du projet de loi par M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale |
| 11.06.2003 | Examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| | Présentation et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 17.06.2003

## 5097 - Projet de loi

**portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et la République de Croatie, d'autre part, et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 29 octobre 2001**

Le présent projet de loi a pour objet l'approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs Etats membres et la République de Croatie. L'Accord joue un rôle important pour le processus de stabilisation et d'association avec les pays de l'Europe du Sud-Est.

Les Parties s'engagent à contribuer à la stabilisation politique, économique et institutionnelle de la Croatie et de la région par le développement de la société civile et la démocratisation, le renforcement des institutions et la réforme de l'administration publique, le développement du commerce et de la coopération dans le domaine de la justice et des affaires intérieures.

Les objectifs de l'Accord sont notamment de soutenir les efforts croates pour développer la coopération économique et internationale, en particulier grâce au rapprochement de la législation avec celle des Communautés, pour achever la transition vers une économie de marché, promouvoir les relations économiques harmonieuses et élaborer une zone de libre-échange entre la Communauté et la Croatie et pour encourager la coopération régionale.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 10.02.2003

Rapporteur: M. Emile Calmes

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense (Président: M. Paul Helminger):

| | |
|---|---|
| 28.04.2003 | Désignation du rapporteur |
| | Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| | Présentation et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 03.06.2003

## 5105 - Projet de loi

**relatif à l'adhésion du Luxembourg à la Banque Asiatique de Développement**

Le projet de loi comporte deux articles, une première disposition par laquelle le Luxembourg accepte les statuts de la BAsD dans l'état où ils se trouvent au jour de l'entrée en vigueur de la loi, et une deuxième régissant les modalités financières de l'adhésion luxembourgeoise.

Pratiquement, le Luxembourg souscrira 12.040 parts sociales dans le capital de la BAsD, nombre qui constitue la limite inférieure pour les pays membres non régionaux, c'est-à-dire non asiatiques. Ceci placera notre pays à pied d'égalité avec d'autres pays européens de taille moyenne, comme l'Autriche, la Belgique, le Danemark et l'Espagne. Concrètement, en termes de droits de vote, le Luxembourg disposera donc d'un poids autrement plus important que celui qui est le sien, par exemple, au sein de la Banque Mondiale.

Sept pour cent du capital souscrit doivent être libérés, de manière à ce que, sur base d'une valeur unitaire de 12.063,5 dollars américains par part sociale, la participation luxembourgeoise dans le capital de la BAsD coûtera l'équivalent en euros de 10.217.785 dollars. Le paiement s'effectuera en quatre tranches annuelles, étalées de 2003 à 2006, et composées à raison de 43 pour cent d'un paiement en espèces et de 57 pour cent de bons du trésor, qui sont amortissables sur cinq ans.

La charge budgétaire résultante est de l'équivalent en euros de 2.263.239 dollars entre 2003 et 2006, et de la valeur en euros de 1.164.828 dollars en 2007.

Parallèlement à l'adhésion du Luxembourg à la BAsD, celui-ci devra verser une contribution au Fonds Asiatique de Développement, qui est le gestionnaire des prêts accordés par la BAsD. Cette contribution sera de 35 millions de dollars, et sera effectuée en bons du trésor. Le paiement est réparti en deux tranches annuelles, en 2003 et en 2004, et les bons sont amortissables sur la période 2003-2007.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 11.03.2003

Rapporteur: M. Lucien Clement

Travaux de la Commission des Finances et du Budget (Président: M. Lucien Weiler):

| | |
|---|---|
| 02.06.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation et examen du projet de loi |
| | Examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| 06.06.2003 | Examen et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 17.06.2003


## Chamber TV

**weist all öffentlech Sëtzung live an integral**

An der Gemeng Bartreng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Zu Walfer *um Kanal S24 / 327.25 Mhz*

Zu Biwer an zu Wecker *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Bous *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Konter *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Dippech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Zu Iermsdref *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Zu Esch-Sauer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Zu Nidder- an Uewerfeelen *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Gréiwemaacher *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Hieffenech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Hesper *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem a Nouspelt *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Mamer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Manternach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Medernach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

## Ordre du jour

1. Communications
2. Débat sur l'état de la nation

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs, Erna Hennicot-Schoepges, M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Charles Goerens et François Biltgen, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.30 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

### 1. Communications

Ech hunn der Chamber Folgendes matzedeelen:

1) Par lettre du 21 mai 2003 Monsieur le Député Marc Zanussi a informé le Président de la Chambre des Députés qu'il désire interpeller le Gouvernement sur la protection des animaux.

2) Par lettre du 20 mai 2003 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir le texte des résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 7 au 10 avril 2003:

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la position de la Communauté européenne sur le projet de règlement de la Commission économique pour l'Europe des Nations unies concernant l'approbation de dispositions uniformes relatives à l'homologation de: i) systèmes d'adaptation spécifique au GPL à installer sur les véhicules à moteur pour l'utilisation de GPL dans leur système de propulsion, ii) systèmes d'adaptation spécifique au GNC à installer sur les véhicules à moteur pour l'utilisation de ONC dans leur système de propulsion;

- résolution sur les conclusions des négociations de Copenhague sur l'élargissement;

- position sur la demande de la République tchèque de devenir membre de l'Union européenne;

- position sur la demande de la République d'Estonie de devenir membre de l'Union européenne;

- position sur la demande de la République de Chypre de devenir membre de l'Union européenne;

- position sur la demande de la République de Lettonie de devenir membre de l'Union européenne;

- position sur la demande de la République de Lituanie de devenir membre de l'Union européenne;

- position sur la demande de la République de Hongrie de devenir membre de l'Union européenne;

- position sur la demande de la République de Malte de devenir membre de l'Union européenne;

- position sur la demande de la République de Pologne de devenir membre de l'Union européenne;

- position sur la demande de la République de Slovénie de devenir membre de l'Union européenne;

- position sur la demande de la République de Slovaquie de devenir membre de l'Union européenne;

- recommandation à l'intention du Conseil sur le développement futur d'Europol;

- résolution sur une stratégie d'information et de communication pour l'Union européenne.

Mir kommen dann elo zur Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun. D'Riedezäit ass nom Modell 6 festgeluecht. Et si schonn ageschriwen: déi Häre Weiler, Krecké, Rippinger, Gibéryen, Bausch, Urbany, Bodry, d'Madame Durdu, déi Häre Jaerling, Lux, Schummer, Greisen, Di Bartolomeo, d'Madame Beissel, d'Hären Henckes, Graas, Mehlen, Bettel, Krieps a Garcia. Als éischte Riedner huet den Här Weiler d'Wuert.

### 2. Débat sur l'état de la nation

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Analys vun der Lag vun der Natioun bedéngt och a vläicht fir d'éischt eng Betruechtung vun der Situatioun vun eisem Land a sengem europäesche Kontext, am Kontext vun enger Europäescher Unioun déi versicht sech ze reformëieren an där et geléngt sech ze erweideren.

D'Lag vun der Europäescher Unioun ass haut net esou roueg wéi déi vun eisem Land et nach ëmmer ass. Et sinn opreegent Zäiten op eisem Kontinent. Déi gréissten an déi ambitiéisten Erweiderung vun der Unioun vollzitt sech an engem Kontext vun allgemenger wirtschaftlecher Morositéit. Déi aktuell Unioun, déi vun de 15, kennt an der Moyenne kaum nach Wirtschaftswuesstum. Bei déi wirtschaftlech Onsécherheet, déi virun allem a Relatioun mat der Aarbechtslosegkeet ze gesinn ass, kënnt d'Onsécherheet derbäi déi duerch Krich an Terrorismus ervirgeruff gëtt.

Eppes fält besonnesch op an Europa, dat ass d'Diskrepanz tëschent den Zuele vun der Wirtschaftsentwécklung innerhalb vun der Unioun an deenen zentral- an osteuropäesche Bäitrëttsstaten. Während an der Unioun am Moment kaum nach e Land ass, wou et Wuesstum gëtt, bei ganz wéinegen ass dat, ass dat awer net de Fall an enger Rei vun deenen neie Länner, déi bei eis wëlle kommen, wou den Duerchschnëttwuesstum de Moment bei ëm déi 5% läit. Dat huet sécher seng Grënn, huet net onbedéngt awer eppes dermat ze doen, dass déi méi eng raffinéiert Wirtschaftspolitik wéi mir bedreiwen, mä déi Länner komme vu wäit hier.

Nom Zesummebroch vum Kommunismus hate vill vun hinnen, op d'mannst während enger Rei vu Joren, iwwerhaapt kee Wuesstum. Hir Vollekswirtschafte si geschrumpft an et huet vill Ustrengung an Entbehrunge kascht, fir den Trend opzefänken an ëmzedréinen. D'Litauer, d'Polen an d'Slowake wësse wat et heescht op d'Zänn ze bäissen, d'Äerm eropzestrëppen a sech bäizeschaffen. A si bréngen et fäerdeg.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, Millioune vu Leit an Osteuropa schaffen haut nach fir 300, 400 a 500 Euro de Mount haart a schwéier un enger besserer Zukunft. A mir mat eiser Wuesstumsa Wuelstands- heiansdo Phobië sinn dëse Länner Unerkennung schëlleg fir déi Moderniséierungsleeschtung, déi zu Riga, zu Prag an zu Budapest realiséiert gëtt.

Europa wiisst zesummen, mä d'Ënnerscheeder tëschent den Europäer verschwannen net. Beim Irakkrich hate mer eng duebel Trennungslinn gesinn iwwer eise Kontinent. Dat beweist, dass mer eis bei wäitem nach net an allem eens ginn, an dofir denken ech ass et och gutt, dass et heiansdo nei Ambitioune gëtt. Den 29. Abrëll war Lëtzebuerg ee vun de véier Memberstate vun der Unioun, déi der verdeedegungspolitescher Dimensioun an Europa endlech wollten e konkreten Ustrach ginn. De Statsminister huet gëschter gesot, wann e wichtegt Stéck neit Europa entsteet, da soll Lëtzebuerg nees eng Kéier méi bei de Grënnungsmembere sinn.

Ech muss soen, Här President, wann een dat do verfollegt huet an deene leschte Wochen, dann huet ee gesinn dass et net iwwerall Zoustëmmung zu där Approche ginn ass. An et ass virun allem och opgefall, dass hei am Haus Leit waren, déi sech plutôt kritesch geäussert hu par rapport zu där Initiativ, déi vun deene véier ënnerholl ginn ass. An et huet mech virun allem gewonnert, dass grad just déi, déi während dem Irakkrich der Regierung virgeworf hunn, dass se sech net no genuch un déi Länner, wat eis direkt Nopere sinn, Däitschland, d'Belsch, Frankräich, erugetaascht hätt, elo virgeworf kréien, dass déi Initiativ net onbedéngt vu Lëtzebuerg hätt missen am éischte Moment matgedroe ginn. Dofir war ech appaart frou ze liese vun enger Journalistin an enger Wochenzeitung, déi net bekannt ass fir extrem Sympathië permanent ze entwéckele fir de Statsminister: „En choisissant de rallier la France, l'Allemange et la Belgique auprès du club des fondateurs de la plateforme Pesc, il - an dat ass de Statsminister – met ses pas dans ceux des hommes qui ont dit présent au moment de la création du BENELUX, de la CECA, de la Communauté européenne." An d'Madame Fonck, fir se ze nennen, fiert fort a seet: „Jean-Claude Juncker a anticipé sur l'avenir, que cela plaise ou non, force est de le reconnaître que l'on soit de droite, du centre ou de gauche."

***(Interruption)***

Här Krecké, reegt lech elo emol net op ier Der geschloe sidd. Ech hu virdru mäin Erstaunen hei zum Ausdrock bruecht, dass grad just vun Ärer Säit kritesch Stëmmen an deem dote Kontext komm waren, an dofir wollt ech soen dass et och Leit ginn, déi éischter lech no stinn an net esou séier eis no stinn, déi dat doten appréciéiert hunn an déi dat an där do Form unerkannt hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Wirtschafts- a Finanzpolitik stinn d'Zeeche queesch uechtert d'Unioun vun deene 15 op Stuerm. An Däitschland hu geschwë fënnef Millioune Leit keng Aarbecht, an hir Zuel steigt weider. Eise groussen Noper verzeechent de Moment e Minuswuesstum. Rezessioun ass ugesot. Eng Rei vun de Länner vun der Unioun kënnen d'Maastrichter Defizitkritäre bei der Budgetsexécutioun net anhalen. An England hu mer an deene leschten Deeg héieren, dass déi reng öffentlech Gesondheetsversuergung praktesch zesumme gebrach ass. An Éistréich, an net nëmmen do, an enger Rei vun anere Länner och ass de Pensiounssystem um Enn vu senge Méiglechkeeten ukomm. D'éistréichesch Regierung probéiert mat aschneidende Moossnamen d'Keese sanéiert ze kréien ier et zu enger Katastroph kënnt. An anere Länner ass dat net anescht, wat d'Sozialversuergung ubelaangt.

Wien d'Televisioun kuckt an d'Press liest, dee gesäit dass an Europa e raue Wand bléist. An dat Stéchwuert bréngt mech och zréck op Lëtzebuerg fir ze froen: Wéi steet dann eist Land do an deem Europa, wou Rezessioun ëmmer méi dacks ugesot ass, wou de Chomâge streckeweis dramatesch Ausmoossen ugeholl huet, wou d'öffentlech Haushalter net méi opginn an d'Sozialsystemer plazeweis virum Kollaps stinn?

De Statsminister sot gëschter, et gëtt keng Kris hei am Land, mä et kriselt. An de Wirtschaftsminister huet bei der Eröffnungsried vun der Foire sech ähnlech ausgedréckt, wéi e gesot huet dass mer et net mat enger wirtschaftlecher Kris ze doen hätten, mä mat enger Rei vu Rupturen. Et géif gebrach ginn, esou sot en, mat der Continuitéit vun ongewéinlech héije Wuesstumszuelen, gebrach mat der Gewunnecht, dass mer hei zu Lëtzebuerg ëmmer zwee- oder dräimol méi en héije Wuesstum hu wéi dat an eisen Nopeschlänner de Fall ass. An et gëtt och gebrach, esou wéi et ausgesäit, mat der Konstanz vun enger Aarbechtsmaartexpansioun vu 4, 5 oder souguer 6%.

Dës Rupturen, Här President, eenzel geholl, eenzel gesinn an och zesumme geholl, si keng wirtschaftlech Kris. Si bréngen allerdéngs eis alleguerten dozou fir eist Bewosstsinn nei ze orientéieren, all déi och, déi sech gemittlech drop agestallt haten, an eigentlech op eng relativ passiv Aart a Weis, dass mir grondsätzlech an zu all Zäitpunkt besser wäre wéi déi aner.

Déi Rupturen, déi mer erliewen, féieren eis op de Buedem vun der Realitéit vun den ekonomeschen Tatsaachen zréck. Op de Buedem vun der Realitéit vu konjunkturelle Cyclen, vum Afloss op Lëtzebuerg vun Europa a weltwäit wirtschaftlechen Entwécklungen, a vun der Fragilitéit vun enger Volleksiwrtschaft, déi zu engem groussen Deel vun engem bestëmmte Secteur dominéiert gëtt. Mir kréie ganz däitlech hei gewisen, dass och zu Lëtzebuerg d'Beem net an den Himmel wuessen.

An da stellt sech d'Fro: Wéi gi mer ëm mat dëser neier, fir eis ongewinnte Situatioun? Mir, dat heescht heibannen, d'Parteien, d'Fraktiounen, mä och dobaussen d'Gewerkschaften, d'Patronatsorganisatiounen, an net zu Lescht d'Bierger selwer. Ech mengen, wa mer éierlech zesumme sinn, dann hate mer eis alleguerten zesummen e bëssen drop agestallt, oder wéinegstens insgeheim gehofft, dass trotz geleeëntleche Warnruffer dat grousst Wuesstum, wat mer an deene leschte Jorzéngten haten, sech kéint fortsetzen. A wien de Versuch wëllt starten, dat ze contestéieren, dee brauch een nëmme mat sengen Iddien, senge Propositiounen, senge Fuerderunge vun deene leschte Joren ze konfrontéieren. Déi wären net méiglech gewiescht, wann en net geduecht hätt, dass mer kënnte wirtschaftlech, an domat och finanziell a budgetär eis dat leeschten.

D'Fro, wéi mer ëmgi mat där neier Situatioun, ass natierlech an éischter Linn eng Fro un d'Regierung. Wéi e Kurs steiert d'Regierung un, fir aus där konjunktureller Dällt, esou wäit wéi dat iwwerhaapt an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg méiglech ass, eraus ze kommen, fir eis Wirtschaft ze stabiliséieren a Wuesstum ze förderen?

Et ass jo an deene leschte Méint, a virun allem um Enn vum leschte Joer, wéi déi nei Situatioun bekannt ginn ass - déi nei wirtschaftlech Zuel ass jo vill monéiert ginn -, gesot ginn, d'Regierung wär heibäikal erwëscht ginn. Ech wëll net méi op dës Polemik zréckkommen, déi grad esou steril wéi topesch ass. An der Tëschenzäit héiert ee jo net méi vill dovun. Et sinn nach ganz vereenzelt Stëmmen déi der Regierung e Reproche maachen, si hätt schonn 2001 misse gesi wat am Joer 2002 kéim.

All europäesch Regierungen hunn Instrumenter opgrond vun deene se d'Wirtschaftsentwécklung moosse loossen. Dat ass hei zu Lëtzebuerg net anescht. Keng Regierung huet en Zauberstaf mat deem se ka wëssen zu all Moment, wéi elo, an deenen nächste Méint an an deenen nächste Joren d'Wirtschaft sech wäert entwéckelen. Dat beschte Beispill, a wat mir alleguerte gutt kenne well mer déi däitsch Televisioun jo vill kucken, ass Däitschland. Wann ee gesäit wat d'lescht Joer an Däitschland virun de Wahlen u Chiffren an d'Welt gesat ginn ass, mat wat fir enge Chiffren d'Regierung raisonnéiert huet, zwee Méint no de Wahle gouf et eng aner Welt.

Entweder war et esou wéi gesot ginn ass, entweder wosst déi däitsch Regierung virun de Wahle wat lass war, dann huet se d'Leit op d'A gedréckt, oder si wosst et net, an dovunner ginn ech emol aus, a si konnt eréischt nodeem datt se d'Zuele vun deenen zoustännegen Instituter krut wësse wat lass ass.

Et ass onerhieflech gewiescht, ob mer dräi Méint éischter oder dräi Méint méi spéit mat deenen Zuelen do konfrontéiert gi sinn, an ech soen lech firwat datt et an eisen Aen onerhieflech war.

Et gëtt nämlech, Här President, keng 20 oder 25 verschidde Méiglechkeete wéi e klengt Land enger wirtschaftlecher Réckbildung kann entgéint wierken, respektiv eng Konjunktur, esou wäit wéi dat a senge Méiglechkeete besteet, erëm kann ukuerbelen. Et gëtt der am wesentlechen nëmmen dräi. Et gëtt éischtens d'Senkung vun de Steiere vun de Bierger fir de Konsum unzereegen, et gëtt dann d'Erofsetze vun de Steiere fir d'Betriber, fir d'Investitiounen ze förderen an d'Konkurrenezfäegkeeet ze erhalen an drëttens gëtt et déi öffentlech Investissementer, fir déi op engem méiglechst héijen Niveau ze halen.

Här President, an deenen doten dräi wesentlechen Domäner, déi eng Regierung traditionell, an net nëmmen hei am Land, mä och a ganz Europa, op der ganzer Welt, zur Verfügung huet. Et sinn dat déi wesentlech Pisten, déi ee ka goen, wann ee mat engem wirtschaftleche Réckgang ze doen huet. Déi ware schonn am Virfeld, ier d'Zuelen, ier déi nei Situatioun bekannt war, vun der Regierung ergraff ginn. Mat der Steierreform, déi mer Enn 2001 gestëmmt hunn, kruten d'Haushalter an d'Betriber alles an allem eng Milliard Euro un zousätzleche Mëttele fir de Konsum héich ze halen a fir kënnen ze investéieren. Schonn Enn 2001 war dës Moossnam hei an der Chamber gestëmmt ginn, an dat war laang ier de Statec an aner Instanzen hir Previsiounen drastesch zréckgeholl hunn. Dat war, Här President, eng Konjunkturpolitik, déi zum richtegen Zäitpunkt gräift.

An datselwecht ass wouer fir de Budgetsvolumen, deen déi staatlech Investitiounspolitik ausmécht. Am Budget 2002, dem Budget vun dem Joer vun den neien Zuelen, hu mer 12% vun de Staatsausgaben an Investitiounen drainéiert. An am Budget fir dëst Joer sinn dat esouguer 13%, wat 3% vun der Wirtschaftsleeschtung vum PIB vun eisem Land ausmécht. Keen anert Land, Här President, a ganz Europa kann dat dote maachen, konnt dat maachen. Mir konnten et maachen opgrond vun där Politik, déi mer an deene Jore virdru gemaach hunn.

A wann ech dann d'lescht am Kader vun der Debatt iwwert de Chômage hei héieren hunn, wou gesot ginn ass, d'Regierung hätt am Budget vum leschte Joer missten drastesch Aschnëtter maachen, fir esou genuch Sputt ze kréie fir Investissementer, da froen ech mech awer, Här President, a wéi enger Welt liewen d'Leit déi dat dote

soen. Éischtens emol gouf net gesot wou dann déi drastesch Aschnëtter am Budget fir d'Joer 2003 hätte sollen, kënnen oder misste gemaach ginn an zweetens ass et jo awer esou a bleift et esou, ni huet de Lëtzebuerger Stat méi investéiert, esouwuel a Prozentvolumen, wéi och an absoluten Zuelen, ni war d'Investiounsquot vum Stat esou héich, wéi elo 3% vum ganze PIB, dat si bal 900 Milliounen Euro, ronn 35 Milliarden al Lëtzebuerger Frang fir d'Budgetsjoer 2003.

Dat si Fakten, dorunner kann een net rüttelen, dat ass d'Realitéit, a wann een da seet de Stat hätt keng Méiglechkeeten a kee Sputt a sengem Budget fir Investitiounspolitik ze maachen, dann ass dat einfach falsch an entsprécht net den Tatsaachen.

An da gouf och hei monéiert, d'Regierung wär schonn amgaang fir Projeten ze strecken, et géif net méi ausgeschriwwe ginn an da géif alles op d'Käschten an zu Laaschte vun de Betriber goen.

Ech wëll nach eng Kéier soen, Här President, och dat doten ass falsch. Am Joer 2003 ass d'Enveloppe fir den Héich- an Déifbau ëm 2% vum Joer virdrun an d'Luucht gesat ginn, an déi Mëttele ginn och genotzt. Et gi keng Projete gestreckt an dësem Moment an och net an absehbarer Zäit, esouwäit wéi dat vun der Volontéit vun der Regierung ofhänkt. Et sinn natierlech Projeten, déi an der Praxis Schwieregkeete begéinen, mä déi hunn awer näischt mam Wëlle vun der Regierung ze doen, fir net Gelder ze investéieren. Déi hu mat Prozeduren a mat anere Schwieregkeeten ze doen. Dofir hätt ech gär, dass mer hei géife bei den Tatsaache bleiwen.

Keen anert Land, Här President, ka sech op eng Finanzsituatioun beruffen an zréckkucke wéi eist Land dat ka maachen, an dat och nach bei enger Statsschold, déi praktesch inexistent ass. A wann dat esou ass, Här President, ech wëll dat hei ënnersträichen, dann ass dat op d'Finanz-, op d'Steier- an op d'Budgetspolitik, déi vun deene leschte Regierungen, vun där virdrun, vun där leschter Koalitioun mat de Sozialisten a vun dëser Koalitioun ënnert der Federführung vum Finanz- a vum Budgetsminister bedriwwe ginn ass. Et war dat eng zolidd, et war eng seriös an et war eng responsabel Finanzpolitik déi gemaach ginn ass, wat beweist, mir als Lëtzebuerg sinn dat eenzegt Land an Europa dat op esou eng Situatioun kann zréckgräifen. Keen anert kann dat maachen.

A wann am leschten Hierscht hei monéiert ginn ass a gesot ginn ass par rapport zu der Finanzsituatioun vum Stat, de Lack ass erof, den Uewen ass aus, d'Regierung steet plakeg do, da wëll ech Iech soen, Här President, och dat war falsch. Et stellt sech haut eraus, dass och déi Aussoen, déi par rapport zu de Budgeten 2002, 2003 an esou weider gemaach gi sinn, falsch sinn. De Budget 2002, krute mer gëschter gesot, ass am Equiliber. Dee schléisst net of mat engem Defizit an esou wäert, wann d'Chiffere vun deenen éischte véier Méint vun dësem Joer sech weider entwéckelen am Laf vum Joer, och de Budget vum Joer 2003 net mat engem Defizit ofschléissen.

An ech denken, dass de Budgetsminister alles dru setze wäert fir d'Joer 2004 och e Budget virzeleeën, deen am Equiliber ass, an op d'Fro vun der Manéier wéi en en an den Equiliber bréngt, kommen ech méi spéit zréck.

Här President, déi Finanz- a Budgets- a Steierpolitik, déi ech hei skizzéiert hunn an där déi ech ervi gestrach hunn, well ech se fir fundamental richteg fannen an et weist sech haut, datt dat wat mer iwwer laang Joren ëmmer erëm prônéiert hunn, dass mer haut d'Friichte kréie vun där Politik. Haut hu mer d'Méiglechkeete fir där Situatioun, déi mer um wirtschaftleche Plang hunn, entgéint ze wierken. Dat ass zréckzeféieren, an ech wëll dat hei ënnersträichen, op déi lescht Koalitioun an et ass zréckzeféieren op dës Koalitioun, op déi Politik, déi an deene Beräicher gemaach ginn ass vun deene responsable Ministeren. An ech muss lech soen, d'europäesch Kommissioun an aner Instituter gesinn dat genau d'selwecht. Wéi d'europäesch Kommissioun eisen aktualiséierte Stabilitéitsprogramm aviséiert huet, huet se vun enger séier stabiler Ausganksbasis fir déi weider Entwécklung vun de Lëtzebuerger Finanzen an den öffentleche Finanze geschwat a si huet eis Fortschrëtter bescheinegt an deene vun hir ëmmer ugemahnte Strukturreformen. A ganz besonnesch war se voll des Luefs iwwert d'Steierpolitik, notamment d'Steierreformen, déi mer gemaach hunn, well se déi antizyklesch Iwwerleeungen, déi d'Lëtzebuerger Regierung hat, gedeelt huet.

Ech wëll nach, wann ech scho bei där do Politik sinn, als Zeien uruffe vun der Richtegkeet dovun, d'Avisen, déi bei de leschte Budgetë vun all deenen Instanzen, déi Avisen zu engem Statsbudget ofginn, d'Chambres professionnelles notamment, mä och d'Gewerkschaften an hire Wuertmeldungen, déi déi Politik als richteg ëmfonnt hunn, wou d'Regierung vill Ënnerstëtzung fonnt huet fir déi Politik, déi se an deenen dote Beräicher gemaach huet, dat ass de beschten Témoin, deen een dofir kann zitéieren.

Wann ech dat alles soen, Här President, wann ech schwätze vun där richteger, där zolitter an där responsabler Finanzpolitik, déi an deene leschte Joren hei gemaach ginn ass, dann ass et net well ech déi aktuell wirtschaftlech Situatioun hei wëll beschéinegen. Dat huet näischt domadder ze dinn. Ech hunn dat just gemaach fir ze weisen, datt mer duerch déi Finanzpolitik e formidablen Atout hu fir där schwiereger wirtschaftlecher Situatioun, an där mer eis de Moment befannen, entgéint ze wierken. D'Situatioun ass schwiereg, dat ass gëschter hei beschriwwe ginn, um wirtschaftleche Plang. Mä well mer den Atout hunn, dee resultéiert aus der Finanz- Steier- a Budgetspolitik, déi mer gemaach hunn, gëtt et keng Ursaach fir Panik, fir Hektik. Mir hunn eng Situatioun déi mer maîtriséieren, déi mer packe mat deene Finanzen, déi mer hunn, a mat deenen aneren Atouten, op déi ech gläich zréckkommen.

An de Statsminister huet dat gëschter u sech schéi beschriwwen, wéi e gesot huet, wann d'europäesch Wirtschaftperspektiven esou gro sinn, dann ass et well d'State méi Sue brauche fir d'Scholden aus der Vergaangenheet ze reduzéieren, wéi fir an d'Zukunft ze investéieren. An et ass grad just dat wat mir hei zu Lëtzebuerg kënne maachen an et ass do d'Differenz vun der Lëtzebuerger Finanz-, Steier- a Wirtschaftspolitik par rapport zu de Politiken, déi an eisen Nopeschlänner a deene leschte Jore gemaach gi sinn. Mir hunn an Zäite wou et gutt gaangen ass dat gemaach, wat mer ëmmer gesot hunn, mir si räsonnabel, mir ginn net alles aus, mir ginn net alles an de Konsum, mir hätte vill Saache kënne maachen, mir hunn eis Fonge gefëllt fir déi Zäite wou et schwiereg ginn ass. Dat kënnt eis haut zegutt.

Här President, an deem ganze Feld vu Mesuren, déi ee kann huele fir enger schwiereger Wirtschaftssituatioun ze begéinen, do kënnt dann d'ganz Fro vun der Diversificatioun derbäi. D'wirtschaftlech Diversificatioun berout op där enger Säit, deen e Pilier ass, déi Betriber, déi een huet, ze ënnerstëtzen, fir ze kucken, datt ee virukënnt, geléngt eis iwwregens ganz gutt a séier erfollegräich duerch eng Politik Recherche-Développement, déi sech ganz gutt entwéckelt, an op där anerer Säit hu mer déi nei Secteuren an déi mer sollen eragoen, wat och als Nischepolitik bekannt ass.

Fir d'éischt wat deen traditionelle Volet ubelaangt. Do wëll ech wierklech eng Lanz brieche fir de Wirtschaftsminister. Ech hu keng extra Ursaach fir dat elo direkt ze maachen, mä esou gutt wéi ech an der leschter Koalitioun den deemolege Wirtschaftsminister, den Här Goebbels, a senger Qualitéit als Bauteminister ëmmer erëm géint ongerechtfertegt Ufeindungen a Schutz geholl hunn, fannen ech och, dass et hei iwwerdriwwe gëtt, déi Polemik, déi géint den Henri Grethen lassgetrëppelt ginn ass, en hätt net genuch gemaach a puncto wirtschaftlecher Diversificatioun. D'Chifferen, an et kann een net soen, d'Chifferen déi sinn alleguerten truquéiert an dofir kënne mer dat alles net gleewen. Kuckt lech den Tableau vun de Chifferen un, vun den Investitiounen, dat wat gemaach ginn ass am absolute Volume wat d'Chifferen ubelaangt, an op där anerer Säit wat d'Aarbechtszuelen ubelaangt, do steet d'Politik vum Henri Grethen där vum Robert Goebels an näischt hannendran, an ech denke mir sollten dat unerkennen a mir sollten einfach gesi wat d'Realitéite sinn.

An da wat déi nei Créneauen ubelaangt. D'Steckepäerd vum Fraktiounschef vun de Sozialisten, e-Commerce, mëttelstännege Raum, ëmweltschounend Betriber, vläicht och Bio-Technologie. Näischt gouf gemaach. Et ass alles verschlof ginn. Ech wëll soen, Här President, dat mat deenen neie Créneauen ass net grad esou einfach. Et geet net duer fir ze soen, mir mussen eng aggressiv Diversificatiounspolitik maachen. Et muss een dann och nach gesi wat ee mécht a wéi datt een et mécht. An da gi mer emol eng Kéier zréck op d'Créneauen, déi mer an der Vergaangenheet entwéckelt hunn. Wéi eng Créneauen hu mer entwéckelt? Mir hunn d'Finanzplaz entwéckelt, mir hunn d'Satellitewiesen entwéckelt. Dat waren zwee grouss Créneauen, wat wierklech zolidd Créneauë waren, un deenen eist Land haut ziert an un deene mer scho vill Freed haten.

Ech wëll soe fir déi, déi ëmmer hei vun de Créneauë schwätzen, datt et net d'Sozialiste waren déi Dafpätter oder Giedel waren, wéi déi dote Créneauen an d'Welt gesat gi sinn. Mir erënneren eis all un déi kritesch Téin, déi déi Zäit vun där Säit koumen, esou gutt géint d'Finanzplaz wéi och géint d'Satelittewiesen.

An da komme mer zu de 15 Joer vum Här Goebbels, Créneauen déi en entwéckelt huet. Wou si se dann? Et waren déi vun dem Transport maritime an et waren déi vum Pavillon maritime, an enger Rei eenzelne Betriber, déi en hei op Lëtzebuerg bruecht huet. A mir wësse wéi e Misär mer mat dem Transport routier haten an haut, wann een d'Nouvellen an der Zeitung liest mam Pavillon maritime, wou et och net zum Beschten ausgesäit.

Ech maachen, Här President, dem Här Goebbels kee Reproche dorauser, mä wann et esou einfach wär déi nei Créneauen ze entwéckelen an d'Aktivitéiten heihinner ze kréien a wann an deene Beräicher, déi hei ëmmer zitéiert gi sinn, dat alles esou einfach gewiescht wär, mä dann hätt den Här Goebbels 15 Joer laang Zäit gehat fir dat ze maachen. Wann et him net ëmmer gegléckt ass, dann ass dat en Zeechen, dass d'Saachen e bësse méi komplizéiert si wéi se ëmmer hei dohinner gestallt gi vu Säite vun de Kolleege vun der sozialistescher Säit.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Et ass eis elo gegléckt an der Nisch vum e-Commerce zwou grouss elektronesch Handelsfirmaen op Lëtzebuerg ze kréien. Mir freeën eis. Ech wëll dat hei soen: Mir freeën eis. Eis Fraktioun freet sech an ech weess och, dass anerer heibanne sech freeën an der Regierung félicitéiere fir deen Effort, dee se gemaach huet, a fir dat wat hir hei mat deenen doten zwou Firmae gegléckt ass.

Dat ass eng ganz grouss Affär an ech muss soen, ech fannen et wierklech traureg dass d'Sozialisten, amplaz sech fir eng Kéier - si brauchen d'Regierung jo hei net permanent ze luewen - ze freeë wann eppes gléckt, wa mer eppes Zoliddes hei op Lëtzebuerg kréien, da gëtt lamentéiert wéi e bockegt Kand an ech zitéieren den Här Asselborn, deen haut am Wort à propos vun AMAZON an AOL gesot huet: „Das ist reine Nischenpolitik mit dem Ziel den Staatssäckel zu füllen, ohne dass neue Arbeitsplätze geschaffen werden." Et ass also näischt. Bei esou enger Nischepolitik kréie mer e puer Frang, mä et gi keng Aarbechtsplaze geschaf.

Wat ass dat da fir eng Approche par rapport zu engem, wann ech et esou däerf nennen, Fang, deen der Lëtzebuerger Regierung gegléckt ass, deen eis awer wäert massiv Geld an de Statsbudget bréngen? Ass dat dann näischt, wa mer Geld an de Statsbudget kréien?

***(Interruption)***

An op där anerer Säit „ohne dass Arbeitsplätze geschaffen werden", mä ech héieren dach awer nach d'Sozialisten hei soen déi lescht Joren ëmmer erëm mir musse Betriber heihinner kréien, Hightechbetriber mat grousser Plus-value an déi net esou aarbechtsintensiv sinn. Just dat geschitt hei. Dat war awer d'Kritik, déi ëmmer erëm komm ass. An elo ass dat erëm net gutt, wa Geld an de Statsbudget kënnt, dann ass dat Nischepolitik, déi dann awer net vill bréngt a se bréngt keng Aarbechtsplazen.

Ech muss lech soen, Här President, et mengt ee bal d'Sozialiste wären hei jalous oder se wäre bockeg, datt se dat doten einfach net unerkenne kënnen, wat jo awer emol eng Kéier eng gutt Nouvelle ass fir déi d'Land frou an dankbar ass.

An dann déi ganz Kritik ëm den e-Commerce: Et geschitt näischt. Et gëtt verschleeft. Et ass näischt an deem dote Kader gemaach ginn. Wann dat sollt esou sinn, an ech sinn net de Spezialist dovun, ech kann et net am leschten Detail appréciéieren, mä da liesen ech awer wat de Statsminister gëschter gesot huet wat AMAZON seet: AMAZON hätt sech entscheet fir op Lëtzebuerg ze kommen, well et hei e favorabelt Klima fir den elektronesche Handel gëtt an eng Regierung, déi all Entwécklung am e-Beräich positiv begleet.

Wann dat esou gesot gëtt, dann denken ech jo, dass AMAZON dat dote gesot huet. An da muss een ënnerscheeden tëschent der absoluter Kritik vum Här Krecké, dee seet: Et geschitt näischt, Dir schlooft, et ass iwwerhaapt näischt dran, an dofir kréie mer näischt, an AMAZON, dee seet: E favorabelt Klima fanne mir zu Lëtzebuerg a mir fannen do eng Regierung, déi all Entwécklung am e-Beräich positiv begleet.

Ech muss lech soen, wann ech do de Choix da maachen, tëschent där enger Appréciatioun an där anerer Appréciatioun, da schloen ech mech awer op d'Säit vun deenen, déi hei praktesch um Terrain jo d'Erfahrung maachen a gesinn a wëssen, firwat dass se sech fir de Standpunkt Lëtzebuerg décidéieren.

Biotechnologie, et ass vill hei monéiert a beklot ginn, dass mer kee biotechnologesche Standuert géifen hei bedreiwen. Dat ass éischtens net ganz richteg an zweetens ass et e bësselche méi komplex wéi dat. Esou laang wéi mer eis schwéier doen, an ech mengen déi meescht heibannen di sech schwéier domat, mat der Presenz vun OGMen op eisem Territoire a mat der Ëmsetzung vun der Biopatentdirektiv, hu mer kee rechtleche Kader an deem ee wierklech déi doten Aktivitéit ka promouvéieren an déi d'Acteuren an dësem Beräich géif unzéien. Esou laang wéi mer selwer net richteg wëssen a wéi eng Richtung dass mer hei marschéieren, mengen ech, misste mer eise Bioäifer e bësse bremsen.

D'Notzung vun den Nischen, Här President, ass net esou einfach an erfuerdert grouss Efforten an dacks genuch och entspriechend Finanzmëttel. Mir wäerten an deenen nächste Jore ganz sécher wirtschaftlech Applicatiounen a Resultater vun der Recherche gesinn, déi hei zu Lëtzebuerg amgaangen ass sech ze entwéckelen. Dräi Milliarde fléisse praktesch all Joer an d'Fuerschung an dëse budgetären Effort wäert och an Zäite vu méi enke Statsfinanze fortgesat ginn, well eng permanent a performant Recherche eng Grondlag fir d'Erschléissung vun neie Secteuren ass.

Här President, vu dass d'Presidentekonferenz décidéiert hat fir hei d'Zäit vun de Presidenten ze begrenzen, aus Grënn déi mer akzeptéiert hunn, ginn et eng Rei vu Punkten iwwert déi ech muss ewechgoen. Ech wollt hei eppes soen zum Chômage. Mir hu jo nach genuch Riedner. Ech wollt och schwätzen iwwert…

***(Interruption)***

Oh, Här Asselborn, dat ass awer primitiv. Ma selbstverständlech ass et wichteg. Ech wollt och iwwert d'Sécherheet...

***(Interruptions diverses)***

Här President, mäi Fraktiounskolleeg, de Marcel Glesener, wäert der Suerg vum Här Asselborn hei Rechnung droen an des Laangen an des Breeden op d'Problematik vum Chômage agoen, well ech net alles hei ka maachen, esou wéi de Fraktiounschef vun de Sozialisten och net hei am Detail de Chômage développéiere wäert, well hie soss Sträit kritt mam Här Lux, well dat eng Chasse gardée vum deem ass. Dat versti mer alles.

***(Interruptions)***

Mir reprochéieren him dat duerfir och net.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Leet Äre Kapp a Rou.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ech wollt iwwert d'Sécherheet schwätzen. Ech iwwersprangen dat och, Här President. De Kolleeg Mosar wäert fir eis Fraktioun dat maachen. Ech kommen dann zréck, Här President, op d'Debatt, déi mer haut hei féieren.

D'Oppositioun wäert dann elo, a mir hu jo gëschter an haut de Moie schonn e Virgeschmaach dorop kritt, versichen d'Politik vun der Regierung hei ze attackéieren. Dat fannen ech och nëmme richteg. Fir eng Oppositioun ass dat normal, also gerechtfäerdegt, well et ass net alles perfekt a villes muss ëmmer erëm a Fro gestallt ginn. Nei Entwécklungen erfuerderen och nei Iddien an nei Propositiounen, a well keen onfeelbar ass, weder dës Regierung nach d'Oppositioun, déi an dësem Parlament ass, a well keen e Monopol huet op déi beschten Iddien an op déi beschte Virschléi, ass et normal dass mer hei kontrovers mateneen diskutéieren.

Ech wollt emol de Virschlag maachen, Här President, dass mer géifen den Etat de la Nation, esou wéi en nämlech geduecht war, net nëmmen op där enger Säit als eng Ofrechnung mat der Politik vun der Regierung, mä op där anerer Säit awer och als eng Orientatioun fir dee Budget, deen de Budgetsminister amgaangen ass opzestellen, eng Orientatioun dofir dass mer och vläicht géifen e puer Wuert do-

riwwer schwätzen, well ech denken dass mer eis eescht genuch sollten huele fir eis net nëmmen a pauschalen a rhetoresche Floskelen hei ze ergoen. Déi eng, déi der Regierung zoujubelen, an déi aner, déi alles verdäiwelen. Domat ass kengem gedéngt. D'Leit dobaussen erwaarden, Här President, dass mer net ronderëm de Bräi schwätzen, dass mer Faarf bekennen, dass mer Prioritéite setzen, an dass mer dat benennen, wat machbar ass a wat d'Leit och vun eis erwaarde kënnen.

Här President, wann een den Avis vum Wirtschafts- a Sozialrot liest a wann een d'Debatten esou kuckt, déi mer an deene leschte Wochen hei am Parlament haten, da ginn et jo eng Hällewull vu berechtegte Fuerderungen: méi Schoulmeeschteren a méi Proffe fir dee reguläre Schoulbetrib, fir Hausaufgabenhëllef an esou weider, zousätzlech méi Educateuren a Chargés de cours fir d'Ganzdagsschoul, méi Betreier fir Jonker an Opfangstrukture fir dës, Foyeren a Jugendhaiser, méi Educatricen an de Crèchen, well déi flächendeckend solle ginn, e Betreier fir Obdachloser an Drogenofhängeger, méi Riichteren, méi Untersuchungsriichteren a méi Membere fir de Parquet, méi Spidolsinfrastrukturen, méi fir d'Palliativmedezin, d'ADEM muss weider Placeure kréien, Betreiungsstrukture fir d'Ganzdagsschoul, méi Leit fir d'Gewerbeinspektioun, méi Steieran Enregistrementsbeamten, méi Leit fir d'Betreiung vun Asylbewerber a besser Infrastrukture fir dës.

Här President, d'Zuel an d'Lëscht vu gudden Iddien an och vu berechtegten Iddien a Fuerderunge kéint ee roueg weiderféieren, mä et muss een awer bei all dëse Mesurë gesinn, wou ech denken dass mer alleguerten heibannen d'accord sinn dass se gutt wären an dass se noutwendeg wären, wat machbar ass. Mir sinn am Joer 2003 a mir maachen de Budget fir d'Joer 2004 a mir musse wësse wéi eis Finanzen ausgesinn.

Mir gesinn dat plus ou moins. Mir wäerte gesinn, dass de Budget fir d'Joer 2004 wuesse wäert. E wäert eng Progressioun kréien, schonn eleng opgrond vun der Inflatioun, an e wäert dann och eng liicht Progressioun kréien opgrond vum Wuesstum mat deem mer eventuell rechne kënnen. Mä dat gëtt eng ganz kleng Progressioun an déi Progressioun gëtt zu engem groussen Deel opgefriess duerch d'Evolutioun vun all deenen Dépensen, déi am Budget sinn, déi gebonne sinn un den Index, esou dass e ganz minimale Sputt wäert iwwreg bleiwe fir Akzenter ze setze fir dat nächst Joer.

An da wëll ech soen, Här President, dass eis Fraktioun der Regierung hei e puer Recommandatioune wëllt mat op de Wee gi bei der Opstellung vun dësem Budget. Mir denken, well et muss ee jo kucke wat d'Recettë sinn, wat d'Problematik vum Emprunt ubelaangt, dass een zwar kann an déi Richtung goen, déi gëschter ugedeit ginn ass, bäi Infrastrukturen um Kierchbierg fir d'europäesch Institutiounen oder bäi groussen Zukunftsinfrastrukturen, dass een do iergendwinni kann, wann dat noutwendeg ass, op den Emprunt zréckgräifen, mä mir sinn dogéint, Här President, fir elo eis grouss an eis kleng Besoinen, virun allem och déi grouss, déi ech virdru genannt hunn, dass mer déi iwwert de Wee vu Empruntë géifen oder deelweis géife versichen ze finanzéieren. Mir sollen d'Verschëldungscapacitéit vum Stat esou laang wéi dat nëmme méiglech ass héich halen, well kee weess op wéi eng Zäiten datt mer duer ginn.

Bei deem minimale Sputt, deen eis wahrscheinlech beim Budget iwwreg bleiwe wäert, Här President, denken ech net dass mer weider sollte prioritär d'Dotatioun vun de Fonge weiderdreiwen. Ech mengen dass dat net soll d'Prioritéit sinn, well wa scho ganz wéineg Spillraum do ass, a mir denke jo net dass dee wéinege Spillraum sech iwwer laang Joren hinzitt, mä dëst Joer an d'nächst Joer wahrscheinlech de Fall wäert si fir de Budget 2004 an 2005, denke mer, dass ee muss Prioritéite setzen. Vun all deene Projeten a berechtegte Fuerderungen, déi ech virdrun hei genannt hunn, do kann een der nëmmen e puer eraushuelen, all déi aner déi musse waarden.

Ech wollt am Numm vun eiser Fraktioun soen, dass et fir eis dräi Beräicher gëtt an deene mer denken, dass Regierung net sollt an net däerft, esouguer bei enke Finanzen, spueren. Dat ass de Beräich vun der Sécherheet, vun der Justiz an et ass de Beräich vun der Paliativmedezin.

***(Interruptions)***

Lauschtert emol, ech hunn hei dräi Prioritéite fir eis genannt.

***(Interruption)***

Här Asselborn, Dir wësst dass mer ëmmer musse kucken no de Prioritéiten. Den Här Bodry huet d'lescht Joer beim Budget geschwat vun den Arbitragen déi musse gemaach ginn, an Arbitragen, déi sinn nun emol schwiereg. Et ass net esou einfach. Ech hu vill Projeten opgezielt an ech hätt gären, dass se alleguer géife gemaach ginn, mä mir kënne se awer net alleguer maachen. Et mussen Arbitragë gemaach ginn. Et musse Prioritéite gesat ginn. An dëst Joer gëtt de Sputt extrem enk. Selbstverständlech, wa Geld iwwregbleift kommen och all déi aner drun. Mir mussen hei awer wëssen, wat mer maachen.

An ech hätt haut och gären, well mer jo iwwer Budget schwätzen an den Här Frieden ass amgaang un deem Budget ze schaffen, dass d'Oppositioun him seet bei deem enke Spillraum, wat si dat géif als Orientatioun gesinn. Dat ass eis Aufgab, dat ass d'Iddi vun dem Etat de la Nation fir der Regierung Orientatiounen ze ginn. Ech hunn der hei e puer opgezeechent fir eis, ech denken dass och emol kënnten aner Fraktioune versichen dat ze maachen, well dat zu eiser Aufgab gehéiert.

Här President, de Statsminister huet gëschter 32 Projeten an der Chamber deponéiert an huet nogewisen, wat eleng am leschte Joer u legislativer Aarbecht gemaach ginn ass. En hätt dat kéinte maachen iwwert déi ganz Zäit vun dëser Koalitioun, en huet et nëmmen iwwert dat lescht Joer gemaach. D'Oppositioun huet dat als e Rechtfertigungsversuch dohinner gestallt. Ech wëll Iech soen, dat war kee Rechtfertigungsversuch, mä et war en Dementi vun där permanenter Kritik déi zënter zwee, dräi Joer ëmmer erëm hei virbruecht gëtt, et géif e Reformstau ginn.

De Statsminister huet gëschter bewisen an huet de Beweis ugetrueden duerch Faiten, duerch Chiffren a Pièces à l'appui, dass et kee Reformstau gouf. Et gouf keen an deene leschte Joren an et gëtt och elo kee fir dat lescht Joer wou dës Koalitioun um Rudder ass. An ech wëll lech soen, dass déi ganz Presentatioun d'Oppositioun awer schéngt getraff gehat ze hunn, well se zimlech duerchernee gelaf ass, notamment eis sozialistesch Kolleegen. Wann ech héieren hu wéi den Här Krecké gesot huet: Geheimdéngscht a Referendum, dat interesséiert dach kee Mënsch am Land.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dat hunn ech net gesot.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Dach.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Wann Der zitéiert, dann zitéiert richteg.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här Krecké, da sot mer, wéi Der et gesot hutt.

Dir hutt dat esou dohinner gestallt: Firwat komme se elo mat Geheimdéngscht, firwat komme se elo mat Referendum?

Ech wëll Iech soen, d'Sozialisten, déi froen zënter Joren d'participativ Demokratie, si plädéieren derfir a si hu se an hire Programmer stoen. Elo kënnt e Projet iwwert de Referendum, an da gëtt gesot, wat ass dat dann elo.

De Geheimdéngscht, Här President. Den Här Bodry mahnt de Statsminister zënter Joren, dass dee Projet…

***(Interruption)***

Wësst Der, Här Bodry, mam Projet iwwert d'Reform vum Geheimdéngscht, do ass et e bëssen esou wéi mam Projet iwwert d'Fusioun vu Police a Gendarmerie. Et hat och ganz laang gedauert. Et war am leschte Moment vun der lescher Koalitioun. Am Fréijoer, just virun de Wahlen, hu mer de Projet diskutéiert.

***(Interruption)***

Ech maachen Iech kee Reproche.

M. le Président.- Loosst den Här Weiler dach emol schwätzen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- E soll net egal wat schwätzen, dat wier besser.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Beim Aménagement du territoire, do hutt Der vill méi wéi fënnef Joer gebraucht bis dass Der e Projet fäerdeg hat. Also kommt elo net a maacht der Regierung hei, wa se an engem komplizéierten Dossier e bësse méi laang Zäit brauch, wéi ee sech dat gewënscht hätt, e grousse Reproche. Ech hu just festgestallt, dass den Här Krecké hei net vill Wäert op déi Saachen do leet, obschonn et op där anerer Säit Saache sinn, déi vu senger Partei a vu senger Fraktioun permanent ugemahnt ginn.

Här President, dës Koalitioun ass à même déi Défien unzegoen, déi sech eis stellen. Wann Der d'Avisë kuckt vu villen Organisatiounen, notamment de Chambres professionnelles, och d'Stellungnahme vun de Gewerkschaften an de leschte Joren zu der Politik vun dëser Regierung, do hunn ech an deene leschte 15 Joer ni während enger Legislaturperiod esou vill positiv Avisen, esou vill Ënnerstëtzung fir d'Politik vun enger Regierung vun deene verschiddenste Säite gesinn.

An, Här President, déi éischt Reaktioune vun de Gewerkschaften an de Patronatsorganisatiounen, déi mer haut de Mueren an den Zeitunge konnte liesen: D'Gewerkschaft OGB-L, mat Ausnahm vun der Lex Greenpeace, dee Projet mat deem se net frou sinn, gëtt d'Ënnerstëtzung fir d'Politik déi gëschter vum Statsminister dohinner geluecht ginn ass. Datselwecht gëllt fir déi aner grouss Gewerkschaft, den LCGB. D'Patronatsorganisatioun, d'FEDIL, déi huet bedauert, dass an der Fro vun der Indexéierung d'Regierung net wëllt an hir Richtung marschéieren, mais pour le reste war et dach op der ganzer Linn Zoustëmmung zu där Politik, déi gëschter op dëser Tribün vum Statsminister am Numm vun der Regierung definéiert ginn ass.

An ech muss Iech soen, och wann d'Oppositioun hei alles wëllt schlecht rieden, dann ass dat hiert gutt Recht. Et stéiert mech net vill. Et stéiert mech an deem Sënn net vill, well ech an der Gesellschaft, bei de Leit dobaussen a bei deenen Organisatiounen, déi se vertrieden an déi hei am Land d'Soen hunn, ganz vill Zoustëmmung fir d'Politik an d'Marschroute, déi dës Regierung ageschloen huet, fir aus där Situatioun an där mer dra sinn erauszekommen, fir déi ze steieren, fir déi ze leeden, fir se ze begleeden, virfannnen.

Une voix.- Très bien.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, Lëtzebuerg am Mee 2003 ass net méi Lëtzebuerg wéi virun zwee Joer. Mir hu wirtschaftlech Schwieregkeeten. Dat wëllt kee Mënsch ofstreiden a mir musse ganz gutt oppassen, dass mer keng Dommheete maachen, dass mer eraus kommen aus där Situatioun. Mir wëssen dass d'Beem hei zu Lëtzebuerg net méi an den Himmel wuessen. Mir hate vläicht mat där Iddi geflirt, mä mir kënnen déi ad acta leeën. D'Wëssen an d'Bereetschaft fir déi Iddi ad acta ze leeën, dat ass scho ganz vill.

Mir hunn Atouten, mir hunn Trëmp. Déi si gëschter hei opgezeechent ginn. Mir sollen dës Atouten an dës Trëmp asetzen, da packe mer et. D'CSV-DP-Koalitioun wäert op jidde Fall hir Responsabilitéit iwwerhuelen.

Ech soen Iech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Weiler. Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké ageschriwwen. Här Krecké, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, no mengem Kolleeg, dem Här Weiler, dee scheinbar aner Leit begéint wéi mir aner wat d'Echoen ubelaangt, wëll ech da probéieren aus eiser Siicht eng Rei Saache riicht ze béien, déi hie probéiert huet hei an e schlecht Liicht ze réckelen.

Eisem Land geet et méi schlecht no véier Joer CSV-DP-Regierung wéi virdrun. Dorun ass keen Zweifel. Dëst ass keng gutt a keng agréabel Feststelllung fir eist Land. An zwee Joer hu mer et fäerdeg bruecht, dass dat europäescht Musterland aus den 90er Joren seng Spëtzepositioun agebéisst huet a Finanz- a Wirtschaftsfroen. Mir sinn zréckgefall op Mëttelmooss.

Auslännesch Noperen, schéngt et eenzelner ze befriddegen, geet et méi schlecht ewéi eis, mä mir hu misse méi grouss Abousse maache wéi si. Eenzelner vun eis hu gemengt, si kënnten esouguer an deene Jore virdrun de Geck mat eisen Nopeschlänner maachen. Iwwerhieflechkeet huet ee gespuert. Et huet ee sech op d'Schëller geklappt a gemaach wéi wann dat anert lauter Deppe wieren.

D'Problemer, déi mer elo hunn, dat sinn net ons Problemer, déi sinn anscheinend net hausgemaach, déi kommen aus dem Ausland. Mir hunn nach ni gesot: Dës Regierung wier verantwortlech fir déi ausländnesch Effekter, déi bei eis um Wirtschaftlechen, Finanziellen a Sozialen eraspillen. Dat hu mir ni gesot.

Mä well awer eenzel Leit heibanne während Jore sech op d'Schëller geklappt hunn, sech gelueft hunn, een deen anere gelueft hunn a gesot hunn: Mir sinn déi, déi dës Finanz- a Wirtschaftssituatioun erbäibruecht hunn. Wann ee sech déi zouschreift a gudden Zäiten, et bien da muss ee sech Kritik och gefale loossen a schlechten Zäiten, well wann ee wëllt responsabel si fir déi gutt Zäiten, da muss een och kënne responsabel si fir déi schlecht. Et kann een net do dat eent oder dat anert huelen.

***(Interruption)***

Mir si vum glänzende Spëtzereider zum Mëttelmooss ginn, Här Statsminister, an Dir sidd scheinbar schonn zefridden domadder dass Der kënnt verkündegen, dass et keng Rezessioun ass. Ma Rezessioun hin oder hier, d'Zeeche stinn op Stuerm. Laang genuch ware mer a rouege Gewässer. Dës Regierung huet sech gesonnt, huet sech ausgerout, si huet a rouege Gewässer vergiess d'Stuermsegelen eraus ze huelen. Si huet vergiess d'Land drop ze preparéieren. An elo, wou de Stuerm kënnt, wou een d'Stuermsegel kënnt gebrauchen, do sidd Der amgaang ze bitzen um Segel, anstatt dass een et eraus hélt. Dat ass am Fachjargon virun de Geriichter grobe Fahrlässigkeit.

Här Statsminister, Ären Optrëtt gëschter, dee Cabaret war, ech bleiwen do derbäi, an dee vum Lëtzebuerger Wort och als Theatercoup dohinner gestallt ginn ass, …

***(Interruption)***

Här Weiler, dat Wuert, dat hunn ech net erfonnt, an deem Wuert ass dat Wuert Theater dran. Den Optrëtt vum Statsminister ass ebe just de Beweis vun deem Immobilismus, vun där Passivitéit a vun deem Reformstau, déi bis dohinner geherrscht hunn.

Wann hien huet misse sech hiräisse loossen, fir de Ministeren ze verbidden an deene leschten Deeg a Woche Saachen ze deponéieren, well hie se all wollt beienaner deponéieren, dann ass et well e wollt eppes beweisen, wou e gespuert huet, ech weess jo wéi en ass, en huet Gespier fir esou Saachen.

***(Hilarité)***

Ech weess dass hie gespuert huet, dass d'Leit him dat do effektiv net géingen ofkafen, wann en et net op déi do Aart a Weis géing bréngen.

Batter ass et, wann d'Opinion publique, Här Statsminister, net selwer zur Konklusioun kënnt, wou Dir se wëllt bréngen, a wann Dir Iech selwer musst déi gutt Nouten ausschreiwen. Denkt un de Pascal, dee kennt Der jo: Wëlls du dass ee Guddes vun dir seet, da so et net selwer.

Dir hutt missen drop hiweisen dass Der gutt sidd.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Mä Dir maacht et jo einfach net, Här Krecké.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här Juncker, Dir hutt missen drop hiweise wéi gutt dass Der sidd, aktiv sidd an net nëmme géréiert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Da maacht Dir dat dach. Et ass esou vill méi einfach!

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir hutt dat gespuert an Dir wousst och firwat. Véier Joer laang huet een dat do alles vermësst. Elo op eemol kënnt alles beiënaner.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Et kënnt knëppeldéck!

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Wann Dir esou oft dat Wuert Reform musst gebrauchen, dann ass et well Der Rechtfertegungsbedürfnisser hutt fir verpasste Chancen. Mä mir bleiwen dobäi, Dir sidd elo op eemol scheinbar erwächt, e Joer virun de Wahlen. Dir entdeckt elo op eemol eng Reformpolitik an Dir géift am léifsten nach e puer Projeten dobäi op ee Coup deponéieren. A wann d'Lëtzebuerger Wort gemengt hat, dat hätt eis a Schrecke versat, ...

***(Interruption)***

…da muss ech soen, dat huet näischt mat Schrecken ze di gehat. Dat hat eppes mat Onverständnis ze dinn, wat mer un den Dag geluecht hunn, well mer jo wësse wéi déi Majoritéit hei fonctionnéiert.

Déi éischt fënnef Méint, déi mer dann elo geschwënn eriwwer hunn, hu mer 24 Projeten, 16 Konventioune fäerdegbruecht, niewent onzähllegen Debatten, déi wichteg waren, duerch déi Chamber hei ze bréngen.

D'nächst Chamberwoch, déi mer elo hunn, hu mer zwee Projeten um Ordre du jour, eng Konventioun, zwou Sëtzungen. Haut maache mer emol een an enger Sëtzung,

an enger anerer Sëtzung maache mer nëmmen Aktualitéitsdebatt a Froen. Et leie méi wéi 240 Projeten hei an den Tiräng vun dëser Chamber, Projeten a Propositiounen, déi leien, déi rouen do. Op deenen enge gëtt geschafft, op deene meeschte gëtt net geschafft.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Wou solle mer bei all deenen Ukënnegungen, Här Weiler, déi mir an deene leschte Joren hei erlieft hunn, Iech dann nach eppes gleewe bei deem wat Der hei erzielt hutt. Et ass dach evident, dass ee sech seet, ma et geet elo grad esou wéi et beim Service de Renseignements während Jore gaangen ass. D'Titrisatioun, déi elo hei ugekënnegt gëtt, wësst Der, dass déi um Enn vun den 90er Joren ugekënnegt gouf. Si ass nach ëmmer net do. Et ass e klenge Projet. En interesséiert net ganz vill Leit, mä just fir Iech e Beispill ze ginn, an esou kënnt ee mat Beispiller weiderfueren. Eenzel Beispiller sinn an der Traditioun a kommen a mussen och kommen, mussen hei debattéiert ginn. Anerer, wat richteg Reformprojete sinn, waren extrem rar. Ech kënnt déi Lëscht hei fortsetzen, mä ech muss soen, et géing d'Lag vun der Natioun net besser maachen, Här Statsminister, an ech hat mer effektiv eppes erwaart.

Dat éischt Joer, Etat de la Nation, wou mer eng schwiereg wirtschaftlech a finanziell Situatioun hunn. D'lescht Joer hate mer se schonn, mä do hat Dir a mir et anscheinend net gemierkt. Dat éischt Joer, wou mer dat hunn, hätt ech och wierklech geduecht, Dir géift doraus den Haaptsujet maachen. Dir hutt et anescht gewielt. Dir hutt de Referendum virgeholl. Dir hutt 20 Minutten iwwert de Service de Renseignements geschwat. Dat ass e wichtege Problem. Ech hat mer erwaart, dass deen éischten a wichtegste Problem, nämlech Wirtschaft a Finanzen, virkéim an Aarbecht. Dat ass alles, Här Weiler.

***(Interruption)***

Déi zwee Deeler si fir mech esou wichteg, deen ee wéi deen aneren. Mä ech muss Iech soen, mir hunn elo esou vill Joer op de Service de Renseignements gewaart. Mir hätten och nach kënne waarden a mir hätten et op der Säit 30 geholl, anstatt op der Säit 10 vum Discours.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ah, Dir wëllt der Rei no fueren!

***(Interruptions)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Neen, dat mécht deem guer näischt aus. Leet Äre Kapp a Rou. Lauschtert, mir hunn dat jo alles erlieft. De 700.000-Awunner-Stat hu mer d'lescht Joer hei diskutéiert. Keen Thema seet de Marcel Glesener. Ass Schluss mat deem Thema? Dir, d'CSV, hutt eis do probéiert nach a Richtung vun engem Konvent ze bréngen, wou mer dann elo géingen hei während Wochen a Wochen debattéieren. Dir hätt Äre Projet souwisou ni duerch kritt. Dir misst eis merci soen, dass mer gesot hunn, dass Der dat dote sollt si loossen an dass Der mat de Problemer vun haut sollt eens ginn. Här Weiler, Dir hutt misse Pressekonferenze maachen, fir och Är Streidegkeeten op deenen doten Elementer mat der DP mussen ausenanersetzen. Dir hutt hei wëlle weisen, wéi gutt déi Koalitioun ass. Dir hutt misse Pressekonferenze maachen, fir de Leit matzedeelen, dass Der kee Sträit hätt. Also, wann ech gelift. Wou si mer dann?

***(Interruptions diverses)***

Här Weiler, mierkt Iech dat!

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Dir kommt jo dann aus den Zeitungen net méi eraus!

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Mierkt Iech just eppes.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Oh mei, oh mei, maacht dat awer net. Maacht näischt esou!

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Wann Dir déi Kritik net kënnt verdroen, dann ass et ebe just, well Dir Iech d'Verdéngschter ëmmer zougeschriwwen hutt. A probéiert net den Tour de force ze mengen, mir géingen do locker loossen. „Man kann alle Leute einige Zeit und einige Leute alle Zeit, aber nicht alle Leute alle Zeit zum Narren halten." Dat gi mer Iech, Majoritéitsparteien, mat op de Wee.

Den Här Juncker huet am Joer 2002 nach Folgendes gesot: „Wann een déi Problemer, déi een am Gréff huet, wëllt am Gréff behalen, da muss ee se fir d'éischt emol mam Numm nennen. Nëmme wann een d'Problemer nennt, gëtt déi Politik, mat där ee probéiert se ze léisen, verständlech."

Or, wat stellen ech fest, mir alleguerten, mä awer och déi Leit, déi hei eis Lektioune wëlle ginn, hu se net nëmmen net kënnen nennen, well si se emol net erkannt haten. A wann ech gelift, da musst Der awer och verdroen, dass wann déi roueg Hand, vun där ëmmer hei geschwat ginn ass, op eemol an en hektesche Aktivismus am November verfall ass, dass mer dat hei monéiert hunn, dass mer gewisen hunn, dass et net wäit hier ass mat der Wäitsiicht, vun där Der ëmmer geschwat hutt. Mir maachen eis effektiv Suergen. Dir schéngt Iech keng ze maachen. Mir maachen eis der ëm d'finanziell Situatioun, och vun eisem Budget. Et ass einfach elo ze soen, mir wäerten dat hei boucléieren ouni dass en Defizit kënnt. Da kommt mir kucken emol, wat hu mer dann eraginn zu Bréissel. Ass do, wat d'zentral Administratioun ass, de Budget vum Stat als solches, net de Budget gekoppelt mat de Gemengen a mat der Sécurité sociale? Wat hu mer dann do eraginn, selwer? Mir hunn do ganz kloer dräimol Defizit eragi vun der zentraler Administratioun. No deem dote Berechnungsmodus ass et en Defizit.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Awer net 2002.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- 2003, 2004 an 2005.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech hu gëschter gesot, mir hätten e Boni 2002. Ech hunn net gesot mir géifen 2003 ënner alle Fäll ee kréien.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Den Här Weiler huet hei probéiert dat dote schéin ze molen. Här Statsminister, Dir kënnt dat och maachen. Dir hutt dat och zum Deel gemaach.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Neen!

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir hutt gesot, mir sollen eis keng Suerge maachen. Dat géif schonn opgoen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Neen, hunn ech net gesot.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir wësst ,wann et opgeet, wéi et opgeet. Et geet op well mer amgaange sinn ze zapen, éischtens un okkulte Reserven am Steierwiesen, wou Dekonten net erausgaange sinn. Zweetens, well mer och e gudden Deel am Moment amgaange sinn eranzezéien aus deene Jore wou et nach gutt war. Bon, dat muss een also kloer an däitlech soen, a wann dat de Fall ass, da muss ee wëssen dass een dat do jo nëmmen eng Kéier mécht. Wat hunn ech da gesot, näischt anescht beim Budget wéi dass ech gesot hunn, ech bedaueren déi, déi de Budget vun 2005 musse maachen. Well do zéie mer d'Suen an.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- An et war gesot 2004, mä 2005 ass et och wouer.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech hu gesot, 2004 kënnt een nach driwwer ewech. Dat hänkt ganz dovunner of wéi Der anzitt. Do kann een nach roueg driwwer ewech goen. Mä ech soen Iech am Budget 2005 ass deen Trick do um Enn an dat soll een de Leit soen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Hu mer gesot!

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Oh jo, oh jo!

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Hu mer gesot, x-mol!

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Awer verklausuléiert a mat Schachtelsätz wéi mer dat vun Iech gewinnt sinn.

***(Interruption)***

Ech weess net, Här Helminger, ob dat mäi Problem wierklech misst sinn. Dir kënnt mer héchstens eppes aneschters virwerfen, awer dat do gleewen ech net.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ëmsou schlëmmer ass et.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Well mer dat do wëssen a well mer et scho laang wëssen, hätte mer eng Rei Saache sollen ënnerhuelen. Et ass dach net vu Blödsinn, dass de Wirtschafts- a Sozialrot en Moment seet, mir hätte misse kucken dass eis Administratioune méi performant ginn, dass eis Steieradministratioune méi performant ginn. „Préconise une information beaucoup plus poussée de l'Administration des Contributions directes." Et geschitt net.

Ech hunn op eng Rei vu Saachen higewisen. Ech weess, e gëtt ëmmer rose wann ech dorobber zréckkommen. Mä elo seet de Ministère des Finances selwer a sengem Rapport Folgendes: De Service du contrôle extérieur vun der TVA, déi also verfollege sollen dass déi grouss Sënder am Beräich vun der TVA geholl ginn, komplizéiert Geschichten, dass mer déi fannen.

Do gëtt et e Service, deen heescht Service du contrôle extérieur. Do hu mer néng an en halwe Fonctionnairen, déi doranner schaffen. Mir wëssen, dass dat net duergeet. Et war ugekënnegt ginn, déi géingen och zesumme schaffe mat den direkte Steieren. Et ass alles begruewe ginn. Mä et ass awer schonn ugekënnegt ginn an de leschte Joren. Wësst der wat fënnef vun deenen néng an en halwe Fonctionnairen do maachen? Déi schaffen um Informatiksprogramm. Déi si guer net méi um Terrain. Déi si guer net méi present, an do läit de Feeler. Mir dreiwen haut nach just déi Steieren eran, déi mer ugi kréien, a bei deene klenge Steierzueler, déi einfach Steiererklärungen, do gi mer nach Klengegkeete sichen a bei deene Grousse siche mer näischt méi.

De Wirtschafts- a Sozialrot weist och drop hin, dass et Propositioune säit laangem gëtt fir dat ze veränneren. Dir wiert Iech dergéint, da sidd Der och verantwortlech fir déi Situatioun déi amgaangen ass do zesummen ze kommen. An ech muss Iech soen, wann dat e bësse méi enk gëtt, dass mer manner am Steierwiesen erakréien, da muss ee besser haushalten. An da muss ech Iech soen, dass wa mer iwwert d'Konten 2001 emol schwätzen, wou elo just de Rapport vun de Cour des Comptes virläit, da wäerte mer op engem ganze Koup Punkten awer nach schéi staunen. Do gesäit een awer, dass net gekuckt gëtt nom Detail heiansdo. Dass Saache geschéien, déi inakzeptabel sinn an der Ausféierung vum Budget. Mir wäerten dorobber zréckkommen, an dass och Är Erklärung, Här Statsminister, iwwert d'Mehrausgaben, déi anscheinend elo getätegt ginn an dësem Joer, jo awer och scho bal räif si fir de Prix Nobel de l'économie.

Mat Ärer Ausso, de Budgetsminister hätt duerch seng Mehrausgaben, déi e getätegt huet, d'Land méi räich gemaach, sidd Der menger Meenung no zeideg fir de Prix Nobel de l'économie. Ech hunn et op alle Fall net verstanen. D'autant plus dass och an der Ausféierung, liest Ären eegene Rapport, Här Statsminister, de Rapport deen Der ofgeliwwert hutt hei an der Chamber. Do schreift Dir selwer dran: „Ministère des Finances: A noter par ailleurs: le Ministère annonce que les refus pour non-respect de la législation sur les marchés publics seront vraisemblablement plus nombreux cette année, et précise que comme il s'agit d'irrégularités particulièrement graves, il faudra insister afin que des efforts sérieux soient consentis pour remédier à cette situation."

Oh, leet Äre Kapp a Rou! Leet Äre Kapp a Rou! Mä wann den Här Juncker natierlech permanent d'Aarbecht vun der Madame Polfer a vum Här Grethen muss maachen, da verstinn ech dass hie Problemer kritt fir seng eegen a sengen eegenen Administratiounen ze maachen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech war 15 Joer laang dodru gewinnt.

***(Hilarité générale)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dir waart jo net Statsminister all déi Zäit.

***(Interruption)***

Här Weiler, erstaunlech muss ech soen ass och e bëssen de Revirement, deen Dir dann elo erbäibréngt, wou Dir elo kee Problem méi hutt fir en Emprunt opzehuelen, wann et dann noutwendeg ass. Ech hunn Iech nach an Erënnerung am Dezember, wou Dir dat, wa mer driwwer geschwat hunn, an esou eng wäit Distanz gesat hutt wéi wann déi, déi doriwwer nogeduecht hätten, vum Mound géife kommen. Ech muss mäin Erstaunen ausdrécken. Ech ginn Iech Recht bei enger Rei Saachen, déi Dir gesot hutt, mä ech sinn einfach iwwert Äre Revirement erstaunt, mä enfin, dorunner muss ech mech wahrscheinlech winnen.

En anere Revirement, mengen ech, mä dorun hu mer eis gewinnt, ass awer trotzdeem och erstaunlech, an de Wirtschafts- a Sozialrot ënnersträicht et: « Le CES se doit de constater que dans le plan quinquennal sous revue » - hie schwätzt vun esou engem - « la part des projets financés au moyen de la loi de garantie s'est encore accrue. »

Kënnt Dir Iech net drun erënneren dass et emol eng Partei ginn ass, déi elo an d'Regierung komm ass, déi e gudden Deel vun hirer Propaganda hei am Finanzwiesen ëmmer erëm domadder gemaach huet, dass se gesot huet, dass dat Schlëmmst wat ee maache kéint, dat wier fir iwwert eng Loi de garantie ze fueren. Hei sinn awer Leit während Wochen net midd ginn doriwwer ze schwätzen an et ass jo awer herrlech ze constatéieren, dass kaum sinn se an der Regierung, dann ass dat deenen esou laang wéi breet. D'DP huet hei jorelaang gewettert géint d'Loi de garantie. Net nëmmen dass se elo opgehuewe gëtt, dass se net méi ugewannt gëtt, si gëtt elo méi ugewannt. Et kann een nëmme staunen.

Wann ech esou kritesch sinn, dann ass et well een esou Volte-facë mécht. Déi Kritik wäert et och weiderhi sinn an déi Zoustëmmung vun eis kritt Der zu deene Saachen, wou mer mengen, dass Der richteg leit. Mir hätten eis et och méi einfach maache kënnen, ech hunn Iech et schonn eng Kéier gesot, an der Steierharmoniséierung an Europa hätt een hei nëmmen de Koalitiounspartner bräichten ze zitéieren an op där Schinn ze fueren, dann hätt een hei mat der Quellesteier a mam Bankgeheimnis ganz fein kënnen erauskommen an dann hätt ee sech souguer och bei de Leit kënne beléift maachen. Dat hu mer net gemaach!

Den zweete Punkt, ech schwätzen hei am Numm vun der Partei an ech mengen et geet duer, wann ech dat elo soen: De Fleegebäitrag…

***(Interruption)***

Ech kann Iech der esou vill zitéiere wéi Dir wëllt. Soll ech Iech e bëssen d'Madame Reding zitéieren. Déi huet och en offiziellt Mandat zu Bréissel. Soll ech Iech déi zitéieren?

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Déi war ni eise Spëtzekandidat a si gëtt et och ni.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Hu mer eis verstanen? Dir hutt se awer op Bréissel geschéckt. Dir hutt se duerfir awer also als ganz wichteg ëmfonnt, Här Statsminister.

***(Interruption)***

Eng aner Zoustëmmung, déi mer bréngen, an op där een och roueg hätt kënne Populismus an Demagogie maachen, ass déi vum Fleegebeitrag. Et ass gefrot gi fir dee Fleegebeitrag erofzesetzen. Mir sinn der Meenung, dass et e Feeler wär, wann d'Regierung dat dote géing maachen. Mir ginn do op déiselwecht Linn mat hir a mir soen et ass besser mir halen eis dee Sputt, och wann am Moment eppes méi an de Reserven ass.

Mir ginn hir och Recht bei der Approche déi se gewielt huet fir hei zu Lëtzebuerg eng Quellesteier libératoire ze wielen. Et ass dee richtege Wee an et ass virun allem, a mir begréissen dat wierklech ganz staark, well mer et selwer x-mol gefrot hunn, dass d'Verméigenssteier, déi schrecklech vill Aarbecht duerstellt, näischt abréngt an déi Leit am Fong geholl nach schrëpft, déi einfach net wësse wéi ee sech bei där doter Operatioun muss uleeën. Mir begréissen, dass déi Verméigenssteier ofgeschaf gëtt, déi am Moment iwwerhaapt net méi am Aklang ass mat der Aarbecht, déi dat doten och beinhalt.

Wat den Abattement extra-professionnel ubelaangt bei Koppelen, déi net bestuet sinn, do wäerte mer jo nach drop ze schwätze kommen, vu dass dat jo e Projet de loi muss ginn, an do wäert ech nach eng Kéier drop zréckkommen.

Wann ech déi Haaptpunkte kucken, ech loossen d'Finanzen elo ewech, wéi wa mer géinge schwätze vun Niewen- a vun Haaptfächer, wann ech elo wierklech géing kucke wat ass geschitt mat där Regierung hei an hiren Haaptfächer, dann huet se an eisen Aen op alle Fall a sechs vun deene Beräicher, egal ob een et Haaptfächer oder Beräicher nennt, Feelleeschtungen ze verzeechnen, huet se carrément Echecen.

Deen éischten ass deen, Här Weiler, vun der Wirtschaftspolitik. Déi heite Majoritéit huet eng formidabel boomend Wirtschaft gehat, si hat e finanzielle Sputt am Budget, deen hir en immensen Handlungsspillraum gelooss huet fir ze agéieren: um Niveau vun den Infrastrukturen, um Niveau vun der

Plattform vum elektroneschen Handel, um Niveau vun der Verwaltungsreform an aneren. Haut, véier Joer méi spéit, gesäit op eemol alles anescht aus. Elo muss de Wirtschaftsminister schwätze vun engem Broch an der Wuesstumsrat. Dat ass awer galant ausgedréckt fir eng knallhaart Landung, esou wéi mir se gesinn hunn, wou mer just hoffe mussen, dass et keng sozial Schierbelen dobäi ginn. Schlecht virbereet, kal erwëscht si mer ginn.

Wéi hat den Här Juncker nach gesot am leschte Joer: „Wa mer zesumme géife verhënneren, datt en allze vill staarkt Wirtschaftswuesstum“, dat ass e Joer hier, “sech zur Lëtzebuerger Statsraison pervertéiert, da gewanne mer Gestaltungsfräiheet an d’Zukunftssouveränitéit zréck.“

***(Interruption)***

Ech hunn d’Impressioun Dir hutt dat doten e bëssen ze vill eescht geholl. Dir hutt d’Perversitéit vu 6 bis 8% Wuesstumsraten erofgeschrauft op Nullkommawäerter. Ech weess och net wouranner elo an der jëtzeger Situatioun déi gepriese Gestaltungsfräiheet an déi Zukunftssouveränitéit dann elo op eemol géif dra bestoen. Déi doten Ausso ass e Joer al.

D’Antriede vu Konjunkturdéifte werfe mir der Regierung net vir, besonnesch wat déi Effekter wéi gesot aus dem Ausland ubelaangen, an där ginn et der an déi erkenne mer och un, mä d’Net-Erkenne vun Indicateuren, dat akzeptéiere mer net.

***(Interruption)***

Et ass gesot gi mir wären do net méi schlecht an net besser wéi déi aner. Eis Haaptgeschäftspartnerlänner hate scho Problemer laang ier mir der haten. A wann ee weess wou mir eis Geschäfter maachen, dann hätt ee sech jo dat kënnen denken an d’Problemer vun der Bourse sinn net vum November, ech soen dat nach eng Kéier, a wann een e Wirtschaftssecteur huet, da weess een dass dee vill vun der Bourse lieft, a wann een dann esou erwëscht gëtt, dann deet et mir Leed, da muss een dat doten agestoen.

***(Interruptions)***

Ech muss soen, wann dann de Wirtschaftsminister higeet an hie seet dass déi international politesch a wirtschaftlech Ofhängegkeet vun eis dat ass wat eis de Misär mécht, da gesäit hie sech nach just als Observateur um Rand vun deem Ganzen an net méi als Player, deen deen agräift. Déi voluntaristesch Wirtschaftspolitik vun deene vergaangene Jore gëtt et net méi. Déi ass ënnerbrach ginn. Et sinn nëmme méi Studie gemaach ginn. Et si keng Realisatioune méi gemaach ginn. Ech muss Iech soen, wann een dat kuckt an et huet een e Wirtschaftsminister, dee souguer vu sengem Finanzsecteur ee Moment schwätzt als Destructeur de la croissance, dann ass dat einfach lamentabel.

Esou eppes dierf kee sech erlaben an esou engem Deel vun der Entwécklung. Et kann een net am Ufank ufänken dee Secteur, deen eis elo Jorzéngte liewe gedoen huet, als Destructeur de la croissance dohinner ze setzen. Mir hätte sollen higoen an déi erfollegräich Politik vun der Prospektéierung weiderféieren.

Här Weiler, ech wëll Iech soen, Dir hutt hei mam Här Goebbels gehadert. Den Här Goebbels huet an all deene Joren Opweises gehat um Niveau Aarbechtsplazen, Beschäftegung hei zu Lëtzebuerg wéi kee virdrun a keen duerno. Da wëll ech Iech soen, déi nei Secteuren, doriwwer kann ee jo erziele wat ee wëllt, mä zumindest huet hien nei Secteure probéiert. Diversifizéierung ass et net, wann een Duechtergesellschafte vu Firmaen heihinner bréngt a wann een niewent deen ee Bäcker deen anere Bäcker bréngt. Dat ass net Diversifizéierung. Nei Secteure bedéngen ëmmer e Courage.

Wien huet dann den elektroneschen Handel ugefaangen? Wien huet dann deen éischte Projet de loi dozou deponéiert? Et war den Här Goebbels.

***(Interruption)***

Jo sécher, hien huet et och net fäerdeg bruecht eng Internetplattform 1990 heihinner ze bréngen, well et dat nach net ginn ass an deem Mooss. Also wann ech glift, hie muss jo eng Kéier domat ufänken, hien huet et deponéiert, mä wann déi Regierung hei…

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d’Etat.*- De Projet war e bësse spéit komm, ne?

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här Statsminister, wësst Dir wéini dass hei ugefaange ginn ass iwwer Internet ze schwätzen? 1996/1997 hu mer hei driwwer ugefaangen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d’Etat.*- Jo, ech weess dat.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- An da fannen ech, dass dat net laang duerno e Projet war, an da fannen ech, dass Dir schrecklech laang Zäit gebraucht hutt fir dee Projet ze konkretiséiere mat där Plattform, déi noutwendeg war.

De Mëttelstand ass vernoléissegt ginn. E gudde Programm, deen opgesat ginn ass, ass iwwerhaapt net realiséiert gi vun 1999 aus un. Elo kommt Der op eemol mat all deene gudden Iddien. Bürokratie hutt Dir net ofgebaut, Dir hutt nach just drop geluecht. Dobäi wësse mer, dass mer do ee vun de Potenzialer hunn ebe just fir eis Wettbewerbsfäegkeet ze ënnersträichen.

An net mir eleng soen dat doten. De Leitartikler am Télécran seet: „Genauso ist unübersehbar, dass das Diversifizierungsmotto“ - ech hätt awer besser ech géif e Brëll undoen - „seit langem stottert. Was Grethen zu den korrigierten Wachstumszahlen zu sagen hatte grenzt schlicht und einfach an politische und wirtschaftliche Verantwortungslosigkeit, passt aber zu seiner mageren Bilanz.“

An da kommen ech dozou, Här Weiler: Firwat huet dat eis rose gemaach, dass ebe just de Wirtschaftsminister eiser Partei virwerft mir géingen an d’Trickkëscht gräifen? Kuckt seng Zuelen, déi hien ugëtt als Aarbechtsplazen, déi hie geschaf huet hei an dësem Land. Am Joer 2000 434, reell 334, 100 manner. Am Joer 2001 grousspureg ugekënnegt an haut avancéiert hien déi Zuelen nach ëmmer: 296. Wat ass geschitt? 135 dovunner sinn der wierklech realiséiert ginn. Dat heescht 161 Plaze sinn iwwerhaapt net besat ginn an hie geet nach ëmmer hauséiere mat deenen doten Zuelen. Fannt Dir dat normal?

Wann een déi doten Zuelen natierlech gebraucht wéi Dir se och gebraucht, da fënnt een dat gutt. Wann een emol hannendru kuckt, da gesäit ee wat sech do hannendru verstoppt. Wousst Dir dann, dass sech beispillsweis bei den Zuele vun 2001, wann do Rieds geet vun enger Firma, déi sech hei um Niveau vun engem Pneueproduzent niewendrun ugesiedelt huet, dat just eng Ofspléckung war vun eppes wat et scho ginn ass. Kann een dat als neie Betrib bezeechnen? Als Prospektioun an als Diversifizéierung kann een dat scho guer net bezeechnen. Dat ass einfach aus verschiddenen Elementer vun Ingénierie fiscale oder ähnlechem, wou dee Betrib en Deel opgespléckt huet an da gi mir dat op d’Lëscht setzen als eng grouss Errungenschaft. Cosmolux als nei Firma dohinner ze setzen ass awer e staarkt Stéck. GETEC ass a Faillite gaangen. Cosmolux huet déi opkaaft an huet elo maner Leit do beschäftegt wéi virdrun, an dat als neie Betrib, deen een hei an d’Land erabruecht huet. Dat fannen ech awer gutt.

Ech muss och soen, déi ganz Geschicht iwwer Profil-ARBED, déi 250 Stéck, dat sinn Décisiounen, déi ginn nach zréck op Jore wou et nach d’ARBED ginn ass. Fir sech déi alleguerten unzeheften ass awer e staarkt Stéck.

RAVAL EUROPE S.A. - ech schwätzen elo vun dësem Joer -, 50 Stéck ugekënnegt, et kommen der 12 heihinner.

INCYPHER S.A., 40 Stéck ugekënnegt, eng eenzeg Persoun schafft hei.

Wann dat net an d’Trickkëscht gegraff ass, da verstinn ech näischt méi. Et ass dat, wat eis rose gemaach huet. Déi Chiffren, déi do genannt gi sinn, entspriechen iwwerhaapt net der Realitéit. An ech hoffen, Dir wollt jo de Bewäis, dass Der en elo hutt.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Déi si scho längst fort.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dat do ass awer bëlleg. E Betrib kann ophalen, mä ee Betrib, deen ugekënnegt gëtt! Dat do ass wierklech peinlech.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Fir lech ass et peinlech.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- E Betrib deen am selwechte Joer 40 Plazen ukënnegt an eng schaaft, dat fannt Dir normal an dat vergläicht Dir mat enger Firma déi Joren hei ass an dann op eemol ophält. Also, et deet mer Leed, déi do Equatioun geet bei lech net op.

Här Weiler, mierkt Iech just eent: „Einer der verhängnisvollsten Irrtümer ist es, geschickte Redner“ - an Dir wëllt dat jo sinn – „für eben so geschickte Politiker zu halten.“ Ech soen Iech dat.

M. le Président.- Den Här Weiler wëllt eng Fro stellen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, ech versti wann den Här Krecké hei d’Analys mécht vun deem Tableau, dee mer hunn aus dem Wirtschaftsministère vun deenen dräi leschte Joer vum Här Grethen. E mécht d’Analys vun den Investissementer a vun den Aarbechtsplazen, an ass nochecke gaangen, wat dann elo an der Realitéit geschitt ass. Ech sinn d’accord, wann hien dat nogekuckt huet, an et ass esou, da muss een déi Chiffre redresséieren. Mä ech hätt dann och gären, dass mer déiselwecht Operatioun géife maache fir déi Jore virdru wou den Här Goebbels responsabel war, well ech ka mer net virstellen dass déi Chiffren, déi elo esou do stinn an déi elo beim Här Grethen contestéiert sinn, dass déi beim Här Goebbels esou gestëmmt hätten, wéi se elo hei op deem Tableau sinn. Hutt Der dann do och den Check gemaach?

M. Jeannot Krecké (*LSAP).*- Mengt Der wierklech, dat wier meng Aarbecht an ech misst elo zéng Joer zréckkucke goen? Haut ass haut a gëschter war gëschter.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Dertëschent ware Wahlen. Eis Partei huet dofir bezuelt. Si huet d’Wahle verluer. Mir sinn an d’Oppositioun gaang. Wann ech glift, domat hu mir eis Responsabilitéit geholl.

***(Interruptions)***

Net mir hu vun der Trickkiste geschwat, mä den Här Grethen huet eis dat virgeworf.

Ech muss Iech och soen, wann Dir esou vill Leit elo begéint hutt, déi jo anscheinend alles esou gutt fannen an der Wirtschaftspolitik, an der Diversifizéierungspolitik an iwwerhaapt wéi mir dat Ganzt uginn, liest Dir net den Echo de l’Industrie, dee seet: „Ainsi, le Luxembourg ne peut plus prétendre être un pays où les démarches adminstratives sont faciles et rapides à évacuer.“ An d’Chambre des Métiers seet hannendrun: „Constatant l’absence d’une politique véritable et volontariste de réduction des charges administratives, propose la mise en chantier (…) d’une grande loi de base sur la réduction des charges administratives.“ Wann déi Leit dat do als Besoin ëmfannen, da mengen ech leie se net esou falsch.

An dann nach e Wuert zu AOL. Mir begréissen esouwuel AOL wéi AMAZON, well et am Fong geholl d’Fortféierung ass vun engem Créneau, deen ugefaangen huet an deen am elektroneschen Handel sech usiedelt, a wou ech Iech gesot hu wou déi éischt Steng geluecht gi sinn.

Mir begréissen och dass dat do fir eis Statsfinanzen eng gutt Saach ass. Eng reell Diversifizéierung ass et u sech och, wat d’Finanzen ubelaangt. Et ass eng Steiernisch, déi ausgenotzt gëtt. Et komme keng Leit heihinner. Et si keng Aktivitéite bei AOL hei. Et ass e Verrechnungsmodus. Mir hunn iwwerhaapt kee Problem domadder. D’Aktivitéite bleiwe weider an England, Frankräich an Däitschland. Mä wann ech glift, fir aus der Nout eng Tugend ze maachen, fir ze soen, mir sichen där Betriber, déi net personalintensiv sinn, an enger Zäit wou mer ufänken iwwer 10.000 Leit ze hunn déi keng Aarbecht oder eng prekär Aarbecht hunn, dat muss deenen awer komesch virkommen, wa mer esou eppes erzielen. Dat konnte mer nach an deene Jore virdrun erzielen, mä elo net méi.

Souwisou seet de Statsminister, dat do wier ënnert deem Aspekt gemaach ginn. An zwou Säite weider seet e wéi e géing déi Leit ënnerstëtzen, déi muer Aarbechtsplaze schafen. Entweder siche mer Betriber, Här Weiler, déi Aarbechtsplaze schafen, oder mer sichen där déi keng Aarbechtsplaze schafen. Ech muss Iech op alle Fall soen, dat wat Iech um Häerz läit, ass jo eist soziaalt Netz, an dat soziaalt Netz gëtt muer nëmme gestäipt, wa mer Aarbechtsplaze schafen iwwert d’Cotisatiounen an net nëmmen iwwert d’Steieren, a besonnesch net nëmmen iwwert d’TVA.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d’Etat.*- Dat do war schwaach!

M. Jeannot Krecké (*LSAP).*- Ech hunn Iech den Appui an där dote Saach ginn, mä ech hunn et awer op déi Plaz geréckelt, wou et higehéiert.

Bedenklech, muss ech och soen, dass hei de Statsminister dat do mat sengem Administrateur mécht, dat begréissen ech jo, mä de Wirtschaftsminister gëtt hei nach just gelueft fir seng Rotschléi. Wann dat effektiv als deen, dee kompetent ass, dat eenzegt ass, wat en dora gemaach huet, da braucht Der Iech net ze wonneren, wa mer an der Wirtschaftspolitik Problemer hunn. Ech schwätzen emol guer net vun der Inflatioun, d’Inflatioun wou mir beim Basculement vum Euro op eemol reng 0,8% hunn. Dat ass vill méi wéi an all deenen anere Länner. Wéi ass et da méiglech, dass de Wirtschaftsminister, deen zoustänneg ass fir dat do, mécht wéi wann dat hie guer net concernéiert a keng besser Iddi huet wéi ze soen, den Office des prix gëtt ofgeschaaft?

Vill Froen, wéineg Äntwerten. Villes ass onzefriddestellend. Aneres besser Gemengtes fannt Der an eisem Standortpabeier iwwert deen ech herno nach wäert schwätzen.

E Wuert zur Aarbecht, en zweete grousse Spillraum, wou menger Meenung no déi heite Koalitioun staark versot huet. Mir si mëttlerweil op engem Ustieg vun 42% säit dem Untrëtt vun dëser Regierung, ob se dat elo wëllt héieren oder net wëllt héieren. Mir leien an der Tendenz méi schlecht wéi all déi aner. Mir hunn den héchsten Ustieg, an dat ass bedenklech.

A wa mir bei 10.000 Leit mëttlerweil 2.900 Leit ronn hunn, déi a Beschäftigungsmoossnahme sinn, dann ass et jo gutt dass se dat hunn, mä deen enormen Ustieg ass awer bedenklech. A wat geschitt mat deene Leit? Dir wësst jo, dass an engem Interview d’Directrice vun der ADEM huet missen zouginn, wéi se gefrot ginn ass, wat dann elo mat deene Leit géif geschéien, déi do dra sinn, dass se déi Fro net kéint beäntwerten. Si sot, mir hu keng Statistik, mir wëssen net wat mat deene Leit geschitt.

An do läit ee vun de Punkten. Mir maachen eng Mesure op déi aner a mir kucke mol net, wat mat deene Mesurë geschitt. Wat geschitt mat deene Leit? Et stong an der Revue. Si huet dat kloer an däitlech gesot. Dat ass ee vun eise grousse Problemer. Eis Statistiken, eis Wäerter, eis Instrumenter fir eppes ze moossen, ze évaluéieren, ze appréciéieren, ass dat wat eis am meeschte feelt.

A bedenklech och, an dat ass awer elo hei weider net ernimmt ginn, dass mer bei de Chômeure ganz oft soen, wa mer eis d’Saach wëllen einfach maachen, dass et eng Fro vun Ausbildung ass. Neen, mëttlerweil hu mer um Niveau scolaire supérieur en Zouwuess vu 6%. Dat ass vill. Dat ass net nëmme méi eng Fro vun Ausbildung hei zu Lëtzebuerg. D’Reaktiounen op déi Evolutioun si vläicht ënnerschiddlech. Eenzel Leit maache sech et einfach doranner. Mä mir mussen zu engem Bewosstsäin kommen, dass dat do jo fir deen Eenzelnen awer dramatesch ass, dass dat sauer ass an engem Land, wou par ailleurs d’Leit héich Paien hunn, wou par ailleurs d’Leit fest Plazen hunn, wou et ganz vill Leit gëtt, an et ass gutt esou, déi sécher sinn hir Plaz muer net ze verléieren. Mä mir hu mëttlerweil vill Leit déi keng Plaz hunn an déi eng Plaz sichen. Dat ass eng batter Erfahrung a mir dierfen dat net als eng Fatalitéit gesinn, an dofir och deen Hannergrond vun deene Recherchen no personalintensiven an net personalintensive Betriber.

A wann dann als Äntwert kënnt, kee Grond zur Panik, eng Äntwert déi elo schonn e puermol komm ass, jo, mä dat muss awer deem déck doen, deen et trëfft. An dofir hate mer och geduecht an der Tripartite géing méi erauskommen, wéi dat wat erauskomm ass. An engem Moment, wou et nach ni esou sauer war um Aarbechtsmaart, kommen iwwerhaapt keng Proposen, haaptsächlech net vun der Regierung.

Mir stellen eis Froen iwwert d’Compétitivitéit, déi mer a Fro gesinn, a kucke wat fir eng Léisunge maache mer dann elo fir deem Compétitivitéitsverloscht entgéint ze wierken. Fréier hu mer gesot, wa mer net wësse wat mer sollte maachen, da maache mer eng Kommissioun. Hei gi mer e bësse méi wäit, mir maachen en Observatoire. Dat ass awer wierklech dat Eenzegt wat gräifbar erauskënnt. An ech muss soen, déi Révisioun vum PAN ass jo awer elo doduerch zu engem Non-événement ginn, an dat an engem Moment wou awer nu wierklech d’Leit dobausse sech eppes erwaart hunn, wou d’Situatioun nach ni esou sauer bei eis war.

Den Aarbechtsminister gesäit dat optimistesch. Bon, en Optimist ass geméinlech e Mënsch deen alles hallef esou schlëmm an duebel esou gutt fënnt. Dat sief dohigestallt, mä de Leit ass fir de Moment domat net gehollef.

Déi drëtt Ongenügend ass déi am öffentlechen Transport. Ech wëll net ze vill drop agoen, ech hunn et schonn oft hei gesot. Mir brauchen net 50% BTB, mir brauchen 100% BTB. Et sinn awer eng Rei riseg Schwächten do dran. Laang Zäit hunn d'Leit sech nach verstoppt, awer de Wirtschafts- a Sozialrot huet et elo als eng vu senge Fuerderungen dohinner gestallt, an och déi Fuerderung seet dass ee muss den Zentrum ubannen. De WSR seet, dass wann een den Zentrum net ubënnt: «…ceci représente une particularité assez exceptionnelle au niveau européen, voire mondial».

Esouguer d'Chambre de Commerce seet mëttlerweil, dee Projet dee virgeluecht ginn ass vum Transportminister, dem Här Grethen, wär eng Totalfehlplanung. Falsch Strecke gi virrangeg gemaach. Ouni Ubannung un de Stadkär bréngt dat do iwwerhaapt näischt. D'Existenzberechtegung vun deem Projet stellt se carrément a Fro. Den Notzen am aktuellen Zoustand, esou wéi de Projet do läit, géing zu null tendéieren.

Do muss ech soen dass mer awer gemierkt hunn, dass eenzel Leit sech hei liicht op d'Äis lackele gelooss hunn, a mir misste wierklech probéieren dat ganzt Rudder ërëm ze räissen. Op alle Fall, an deem Dossier do ass wéineg besser gemaach ginn, mä villes méi schlecht.

De véierte Punkt, wou mer monéieren, ass dee vun der Schoul an der Vereinbarkeet vu Famill a Beruff. Iwwer PISA brauch een net méi vill ze soen, huet awer eng Momentopnahm gi vun eiser Schoul. Back to basics war d'Äntwert. Liesen a Schreiwe léiere war dat Eenzegt wat mer mat kritt hunn.

Ech ginn Iech nëmmen zum beschten, Här Weiler - ech mengen, Dir hutt eng aner Lecture wéi ech -, wat den CES dozou seet: „En matière de formation initiale" - ech schwätze vun der Schoul - „le CES constate que le fameux pragmatisme luxembourgeois, beaucoup plus l'expression d'un désarroi conceptuel en politique d'éducation que méthode d'action avec son cortège de réformettes et d'autres demi-mesures, ne suffira plus à sortir l'école de son marasme" - dat ass vun elo - „et qu'il faudra un véritable aggiornamento où tous les partenaires devront prendre leur responsabilité."

Dat hunn d'Gewerkschafte gesot, dat huet d'Patronat gesot. Anscheinend schwätzt Dir mat anere Patronen. Anscheinend schwätzt Dir mat anere Gewerkschaftler wéi mir. „Et la situation, ils en rajoutent, n'est guère plus brillante en ce qui concerne la formation continue." Dat ass do wou mer elo stinn. Dat ass do wou mer Back to basics higinn, nämlech zréck. Mir dierfen net zréckgoen. Mir mussen no vir goen.

Mir hunn a Bildung 21 eng ganz Rei Iddien eraginn, wéi Kanner a Jugendlecher muer musse gefördert ginn, wéi se differenzéiert musse behandelt ginn, wéi se hir Bildungsziler mussen anescht definéiert kréien, wéi se hir Lerninhalter an hir Benoutung mussen ugepasst kréien un déi Ziler, wéi se d'Ziler an d'Inhalter vun de Sproochefächer mussen iwwerduecht kréien, wéi d'Qualitéit vun der Schoul muer ze miessen ass, wéi d'Pedagogen net sollen eleng gelooss ginn, wéi d'Aus- a Weiderbildung vun de Pedagoge musse verbessert ginn, wéi aktiv Léiermethode mussen agesat ginn, wéi d'Infrastrukture mussen ugepasst, erneiert ginn, Verantwortung kloer gestallt ginn an d'Elteren als Partner vun der Schoul unerkannt ginn. Grad esou wéi den Encadrement vun de Jugendlechen am Moment och total defizitär ass.

Dann e Wuert zur Sécherheet. Mir stellen einfach fest dass eng ganz Rei Zuele schlecht si wat d'Sécherheet ubelaangt. Mä loosse mer net doriwwer streiden. Mä wa mer awer hei feststellen, dass zwee Schwéierverbriecher ausbriechen aus dem Prisong, dass mer da just erkläert kréien dass et 100%eg Sécherheet net gëtt, dass mer awer d'Kriticken iwwerginn déi déi Leit, déi do schaffen, un d'Autoritéite bréngen. Wa viru lafender Kamera och nach gesot gëtt, jo de Service réduit ass eben de Weekend deen, dee mer hunn, an dann dauert et 50 Minutte bis den Helikopter kënnt, wat quasi als Aluedung fir deen nächsten ass, deen esou eppes wëlles hätt, net dass hien et Méindes mécht, mä dass hien et Sonndes mécht, an da gëtt gesot, hei ass keng politesch Verantwortung ze zéien, da muss ech soen, eis Partei kann dat net verstoen.

En zweete Punkt ass, déi kleng Kriminalitéit hëlt zou. D'Äntwert dorop ass d'Police de proximité. Dat ass d'Äntwert, a wou kënnt déi hier? Déi kënnt aus deem Projet, deen den Alex Bodry nach duerchbruecht huet hei.

An déi Leit vun der DP, déi gesot hunn, dee Projet ass inakzeptabel, mä wat hätte se da gemaach, wa se deen doten Ophänger emol net gehat hätten? Mir hu Schwieregkeete genuch, wa mer dat Instrument net esou verbessert hätte wéi et verbessert ginn ass, a wann Der et hätt wëllen änneren, dann hätt Der et sollen zréckhuelen. Dir hutt virun de Wahlen egal wat zu deem Sujet do gesot. Elo, wou Der do sidd, mierkt Der dass e gutt ass an Dir sidd frou dass Der en hutt. Mä en anere Punkt ass deen: Wa mer haut och bal alles, an de Justizminister huet gesot, hie géif Tolérance zéro ustriewen, da ginn ech Iech emol ze bedenke wat de Procureur d'Etat Robert Biwer seet. „Beaucoup d'affaires importantes" - et ass am Rapport vum Ministère, net vu mir erfonnt -, „notamment en matière économique et financière, n'aboutissent pas utilement. Ce fait regrettable trouve sa principale explication dans l'engorgement du cabinet d'instruction. La situation actuelle est d'autant moins acceptable que l'on constate que des affaires heurtant moins l'ordre public sont systématiquement poursuivies."

Dat ass politesch Responsabilitéit, och wann een esou Uerderen erausgëtt, an deen Uerder hu mir ganz schlecht opgeholl, deen deemools vum Justizminister erauskomm ass, well en huet och net d'Konsequenz gehat, déi de Jean-Pierre Klopp verlaangt huet, nämlech wéi e seet: „sans qu'il soit remédié au manque cruel de moyens."

Eng ongesond Entwécklung. Den Alex Bodry wäert méi am Detail zréckkommen op d'Grondrechter.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Wivill huet d'Zuel vun den Untersuchungsrichter da geännert an dëse fënnef Joer?

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Den Här Bodry äntwert lech muer.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Vu 7 op 14. Et kann een also net soen, et wier näischt geschitt.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- D'Gesellschaftsreforme muss ech leider als eng vun de grousse Suerge si loossen, an d'Partnerschafte loossen ech sinn, mä dat sinn zwee Domäner wou déi Koalitioun hei massiv versot huet. Mir kréien d'Geleeënheet op d'Partnerschaften zréckzekommen.

Dem Statsminister seng Iwwerleeungen iwwert d'Zukunft sinn a krassem Widdersproch zu enger Regierungspraxis, déi bis haut an déi, wéi vum Lëtzebuerger Land richteg duergestallt, sech hir Schlagwierder, Här President, selwer ginn huet. Null-Plus-Variant, Back to basics. Dës Regierung, fäerte mir, wäert um Enn soss näischt opweises hu wéi iwwert d'Ausriichtung vun onsem Land nogeduecht ze hunn. Si huet vergiess mat Zäit Politik ze maachen, d'Problemer richteg ze erkennen an d'Léisungen ze bréngen. Ee Joer virun de Wahlen ass ze spéit.

Op dëser Plaz d'lescht Joer hu mer der Regierung gesot, si soll endlech erwächen. Dat ass net geschitt während 12 Méint. Dat ass scheinbar elo gëschter geschitt. Wat awer doraus gëtt, wäerte mer nach mierken. Vill Projete ginn et, déi ni zur Realisatioun komm sinn. Mir wäerte kritesch hannerfroen, dat wat kritesch ze hannerfroen ass. Mir wäerten ënnerstëtzen do wou ze ënnerstëtzen ass. Mir bidden, Här Statsminister, Iech an Ärer Regierung eis Alternativen u fir eng Kurskorrektur, an ech iwwerreechen dem President vun der Chamber heimadder eis Proposen, 24 Propositions de loi aus der leschter Zäit, 13 Positiounspabeieren, 250 Säiten, all Virschléi vun eis, ouni all déi, déi mer an de Kommissioune gemaach hunn, esou dass Der Iech kënnt inspiréieren.

*Liste des documents déposés par M. Jeannot Krecké:*

***Propositions de loi:***

***N*os *5086, 5060, 5058, 5013, 4996, 4995, 4979, 4969, 4918, 4909, 4908, 4886, 4879, 4839, 4808, 4798, 4769, 4792, 4770, 4769, 4744, 4734, 4676 et 4642.***

***Positionspapiere:***

***Öffentliche Schule***

***Kulturpolitisches Konzept***

***Neuaufteilung der Kompetenzen zwischen Staat und Gemeinden***

***Sterbebegleitung - Sterbehilfe***

***Die LSAP zur Vereinbarkeit von Beruf und Familie - Zukunft Familie***

***Prostitution***

***Jugendgewalt***

***Die LSAP verlangt mehrjähriges Aktionsprogramm „Bildung 21"***

***Integrative Schulpolitik: eine Schule für alle Kinder***

***Wertstellung älterer Menschen in unserer Gesellschaft***

***21-Punkte-Programm für eine Standortoffensive***

***La politique du sport au Luxembourg***

***L'Etat et les services publics***

***(Ces documents peuvent être consultés au Greffe de la Chambre des Députés).***

***(Interruptions diverses)***

Ech hätt et och kënnen eenzel opzielen, mä ech hat awer gemengt, den Theatercoup géift Der net appréciéieren, da géif ech en och net selwer maachen. Mä awer eent soen ech Iech, Här Statsminister, mir bidden Iech d'Mataarbecht un an deenen Dossieren, wou mer mengen dass d'Leit an d'Land musse weider kommen. Wann Dir et refuséiert, dann, fäerte mir, geschitt dat wat de Lucien Weiler - leider vläicht kritt e Recht - an där Saach gesot huet: „ 2004 wird Luxemburg bereits ein anderes Land sein als jenes das 1999 dieser Koalition zu einer Mehrheit verholfen hat."

Ech gleewen net, dass et sech zum Bessere gewannt huet, a vu dass vill Tragikomik an Ärem Kommentar ass, wäert ech net weider Kommentaren doriwwer maachen.

Ech soen Iech merci, Dir Dammen an Dir Hären.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Europa an den europäesche Gedanke stinn an eisen Aen un engem historesch wichtege Punkt, e Punkt un dee mir eis sollen un d'Wuerzelen zréckbesënnen. D'Erfahrungen aus dem Fall vun der Berliner Mauer hu gewisen, wéi wichteg Europa war an ass fir déi Länner, déi a Jorzéngtelaanger Ënnerdréckung gelieft hunn, schnell an effikass kënnen an eis Gemeinschaft sech ze integréieren. Mir mussen dee Projet vun deemools haut konsequent weider féieren. Mir mussen eis weider fir Fridden a Fräiheet an Europa an an der Welt asetzen, fir d'Verbesserung vun den ökonomeschen a soziale Konditioune vun de Bierger, fir d'Solidaritéit tëschent de Völker an Europa. Firwat si mer elo un engem wichtege Punkt ukomm?

D'Diskussioun am EU-Konvent, den Elargissement vun der Europäescher Unioun a Richtung Osten, de Rôle vun Europa an der internationaler Aussen- a Sécherheetspolitik an de Wëlle vun anere Länner vun eisem Kontinent der Europäescher Unioun bäizetrieden, bedeiten dass d'Gesiicht vun Europa sech verännere wäert. Wann den 20. Juni de Rapport final vum EU-Konvent dem Conseil Européen um Sommet vun Tessaloniki virgestallt gëtt, wäerte mir éischt Andréck kréie wéi Europa vu muer kënnt ausgesinn. Besonnesch am Beräich vun der gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik an am Beräich vun der Reform vun den Institutioune wäert a muss Europa eng aner Nues kréien. Dem Kommissiounspresident Romano Prodi seng Wierder, déi hien den 9. Mee am Kader vun der Journée de l'Europe gesot huet, ass e Programm: „Nous devons veiller au succès de laConvention, pour qu'elle fasse nous aller de l'avant, et non régresser." - dat kënnt dat wichtegst fir eist Land sinn - „Pour qu'elle aboutisse à une constitution bénéfique, pour les petits comme pour les grands."

E klengt Land an engem groussen Europa muss och gehéiert kënne ginn a muss och mat do um Dësch sëtze wou d'Entscheedunge geholl ginn. Dat huet den Erfolleg vun Europa bis elo ausgemaach. Déi Chance solle mir Lëtzebuerger och haut notzen an eis Meenung haart an däitlech an Europa soen. A mengen Aen ass et awer bal dat wichtegst, dass den EU-Konvent engem Zil ganz besonnesch méi no kënnt, Europa dem Bierger méi no ze bréngen. Déi europäesch Institutioune musse gutt fonctionnéieren. Kloer Rechtsprinzipie musse gëllen. Transparent Entscheedungsweeër an Décisiounsmechanisme sinn noutwendeg niewent kloren an eenheetleche Positiounen a groussen aussen- a sécherheetspolitesche Beräicher.

Dës Regierung huet an dësen ënnerschiddlechen, europäeschen an internationale Chantieren eng gutt a wichteg Aarbecht gemaach.

Här President, wann ech soen dass de Bierger am Zentrum vun den Iwwerleeungen an Europa muss stoen, da gëlt deeselwechte Saz och bezunn op eist Land. Dës Regierung huet an hirem Koalitiounsaccord wichteg Elementer festgehalen, déi de Bierger méi no sollen un d'politescht Liewe réckelen. D'Basisdemokratie nennen déi eng et, woubäi ech der Meenung sinn, dass dat Wuert e Pleonasmus ass. Eng wuelverstanen a gutt fonctionnéierend Demokratie fänkt ëmmer un der Basis beim Bierger un. D'Revalorisatioun vum Referendum ass d'politescht Instrument fir national bedeitungsvoll Froen ze klären, war fir eis nach ëmmer Programm. Ouni an e schwäizer konkordanzdemokratesche Modell wëllen iwwer ze goen, menge mir, dass et gutt ass, dass mir virum Enn vun dëser Législaturperiod d'Instrument vum Referendum nei definéiert a senger Zäit ugepasst hunn. De Referendum soll keen alldeeglecht Instrument ginn, mä et soll en Instrument sinn dat praticabel ass, wann et gefrot gëtt.

Ech si frou, datt d'Regierung hei d'Iddi vun der Initiative populaire verwierkleche wëll. Och mir mussen als Chamber eis Verfassungsaarbechte konsequent fortsetzen an doniewent och eis Institutioune moderniséieren an der Zäit upassen, esou wéi mir selwer dat amgaang sinn am Kader vun der Reglementskommissioun ze maachen.

Et ass wichteg, datt de Bierger Vertrauen an d'Institutiounen an an hire Fonctionnement huet. Dem Bierger seng Aart a Weis ze communiquéieren, Informatiounen ze verschafen a weider ze ginn, hunn am Laf vun de Jore geännert. Dem Bierger seng Usprëch un d'Politik och. Dofir sinn ech frou, datt mer an dëser Enceinte deemnächst och emol iwwert de Rôle vun de Parteien am Stat an iwwer hir Finanzéierung schwätze wäerten.

Ech mengen, datt déi éischt Fro op d'mannst genau esou passionant muss diskutéiert gi wéi déi iwwert de Finanzement. Wa mir d'Parteien an d'Verfassung wëllen aschreiwen, dann ass et och noutwenneg ze soe wat hiren Optrag ass, wat sinn hir Rechter a wat sinn hir Flichten. Och hei muss de Bierger Ausgangspunkt vun der Diskussioun sinn an hei musse mir eng Äntwert ginn op d'Froen déi d'Spannungsverhältnis tëschent dem Bierger, de Biergerinitiativen an de Parteie betreffen.

Wa mir dovunner schwätzen, datt de Bierger soll Vertrauen an d'Institutiounen hunn, da musse mir och vun der Justiz schwätzen an zu gläicher Zäit vun der Sécherheet. Dës Regierung huet, an de Statsminister huet dat gëschter gewisen, Efforten am Beräich vun der Sécherheet gemaach.

Ech begréissen ausdrécklech, datt de Service de renseignement reforméiert gëtt an ënnert e parlamentaresche Contrôle kënnt. Ech begréissen och, datt um Niveau vun den Untersuchungsriichter Personal bäikënnt, obschonns et verduebelt ginn ass, datt endlech déi jonk Prisonéier getrennt vun den erwuessene Prisonéier wäerte kënnen ënnerbruecht ginn, datt e Gesetz iwwert de Gebrauch vun DANN-Analysen an e Gesetz zum Schutz vun de Victimen an den Témoinë kënnt. Ech perséinlech sinn awer der Meenung, datt och aner Beräicher am Justizwiese méi genau mussen ënnert d'Lupp geholl ginn an datt déi Reformaarbechten am Justizwiesen net hei dierfe stoe bleiwen, mä mussen an Zukunft weider goen.

Erlaabt mer awer bei dësem Punkt eng Remarque ze maachen am Kontext vun der sougenannter Lex Greenpeace. Ech hunn dem Statsminister gëschter gutt nogelauschtert an ech hat d'Gefill wéi wa seng Wierder méi nuancéiert ware wéi dat, wat bis elo am Text steet. Hie sot nämlech: „Wann d'Zilrichtung vum geplangte Gesetz stëmmt, nämlech d'Fräiheete mateneen an niewentenee liewen ze loossen, da fanne mir och zesummen e Wee fir fräiheetlech Zilkonflikter esou ze léisen, datt mer dës Zilrichtung net verfeelen."

Ech muss Iech fir mäin Deel soen, datt och d'DP-Fraktioun d'Fräiheet fir ze demonstréieren, d'Recht op fräi Meenungsäusserung an de Schutz vum Eegentum, beziehungsweis d'Fräiheet sech fräi bewegen ze kënnen an Aklang brénge wëll. Déi Fräiheete kënnen net iwwert oder ënnertenee gesat ginn, mä gläichberechtegt niewenteneen. Dat ass dat Zil, dat d'Regierung sech gesat huet, an dat ass dat Zil, dat meng Fraktioun och ënnerstëtzt.

Meng Fraktioun ass awer der Meenung, datt den aktuellen Text ze vill Onklorheete beinhalt an net an alle Punkten nuancéiert genuch ass. Ech mengen duerfir, datt d'Chamber sech soll Zäit huelen an a Rou eng ausgeglache Léisung mat alle Concernéierte soll sichen, wou garantéiert ass datt déi zwou Grondfräiheeten, sou wéi de Stats-

minister dat gesot huet, niefteneen existéiere kënnen a wou d'Strofmooss net iwwer hiert Zil erausschéisst.

Här President, wann ech virdrun en Exkurs an Europa bei eist institutionellt Gebälk gemaach hunn, dann ass dat och fir ze weisen, datt eis Regierung sech net a vu kengem aus der Rou brénge léist a weider hire Koalitiounsprogramm systematesch ëmsetzt.

***(Interruptions)***

Här President, ech weess net, mä ass et net méiglech, datt ech net dauernd hei vun Zwëscheriff vum Här Asselborn oder vum Här Di Bartolomeo ënnerbrach ginn?

M. le Président.- Ech bieden, de Riedner net dauernd ze ënnerbriechen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Ech hunn haut nach kee Wuert gesot. Mä wann Der mech awer erausfuerdert, ech stinn zu Ärer Dispositioun. Ech hu kee Wuert gesot bis elo, an den Här President ass Zeien.

M. le Président.- Dat ass richteg.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Den Här President ass soss ëmmer ganz streng mat mir. Haut hunn ech iwwerhaapt nach kee Wuert gesot, well Der bis elo och nach näischt Relevantes gesot hutt.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Ech géing lech biede méi opmierksam ze sinn a wierklech keng Zwëschebemierkungen ze maachen. Et gëtt ëmmer de Versuch gemaach fir de Riedner aus dem Konzept ze brénge, mä dat soll een awer net maachen.

***(Interruptions)***

Den Här Rippinger kritt Der net esou séier aus dem Konzept.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Ech froe ganz fein d'Deputéierten net ze provozéieren.

M. le Président.- Bis elo ass dat op jidde Fall net de Fall gewiescht.

Här Rippinger, fuert weider, an déi aner solle roueg sinn an nolauschteren.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, et gëtt Der awer, déi wëllen d'Land an d'Leit oflenke vun dëser gudder Aarbecht, déi gemaach gëtt, och wann et wirtschaftlech emol net esou gutt dréint.

***(Interruptions)***

Et gëtt Der, déi versichen de Leit Angscht anzejoen andeems se Schreckensszenarien a Märercher verbreede ginn.

An do muss ee sech d'Fro stellen: Wéi schätze mir déi wirtschaftlech Situatioun an hir Konsequenzen an? Eleng bei dëser Fro vun der Aschätzung gi mir eis schonns net eens. Jidderee liest déi Zuelen déi hie wëllt an zitt dann doraus Konklusiounen, déi ganz oft net fondéiert sinn an déi de Bierger da veronsécheren.

Et muss een d'Realitéiten an d'A kucken an d'Situatioun net schéirieden, wa se net schéin ze rieden ass, an net schlecht riede wa se net schlecht ze rieden ass. De Wirtschaftsminister huet dat bei der Ouverture vun der Foire treffend a Wierder gefaasst - ech mengen ech brauch lech dat net ze widderhuelen -, en huet net vu Kris geschwat, en huet vu Rupture geschwat.

De Wirtschaftsminister huet hei Klortext geschwat an de Premier huet dat gëschter jo nach emol a senger Ried bestätegt. Dës Regierung elo ze attackéieren an hir ze soen, si hätt dëst an dat net gesinn oder net gemaach, ass an den Ae vun eiser Fraktioun völleg dernieft.

Erlaabt mer dofir an dësem Kontext e klenge Bléck an d'Vergaangenheet ze werfen.

Déi deemoleg Regierung huet et net gären héieren, wann d'Demokratesch Partei virun 1999 gesot huet, datt déi gutt wirtschaftlech Situatioun vu Lëtzebuerg an den 90er Joren op vill gutt a positiv Aflëss, déi aus dem Ausland komm sinn, zréck ze féieren ass. Nach virun de Wahle vun 1999 huet d'Madame Polfer hei an der Chamber gesot, datt sech zwar munches an der Vergaangenheet verbessert hätt, an ech zitéiere se: …

***(Interruption)***

Mir ware vill méi fein.

„…dat awer net nëmme well d'Regierung versicht huet Saachen ze verbesseren, mä och well d'Konjunktur insgesamt an Europa an an der Welt bis virun deene grousse Finanzkrisen an Asien, Russland a Latäinamerika ganz gutt war. Mir hu vun dem Boom kënne mat profitéieren, wat eng gutt Saach fir d'Land a seng Bierger war an ass."

Deemools hu sech net vill Leit Gedanken doriwwer gemaach, datt et ekonomesch Realitéite gëtt, datt et an der Geschicht vun der Ekonomie ëmmer erëm Zykle gëtt, déi ee Land a seng Wirtschaft, beziehungsweis e ganze Wirtschaftsraum duerch ze maachen huet.

Här President, ass et also wierklech esou wéi d'LSAP dat versicht duerzestellen, datt et eleng der Regierung hir Schold ass, wann et der Wirtschaft net gutt geet?

Här President, stëmmt de Credo vun der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei, dee seet: „Mir hunn lech eng gesond finanziell Situatioun 1999 iwwerginn…

Une voix.- Dat ass richteg.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- …an Dir hutt d'Land innerhalb vun e puer Joer erofgewirtschaft?

Une voix.- Dat ass och richteg.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Meng Äntwert op déi Fro ass kloer. Dat hei ass bëlleg Panikmache mat där d'LSAP an engem Wahljoer wëllt op Stëmmefang goen.

Oder wëllt d'LSAP eis vläicht soen, datt et dëser CSV-DP-Regierung hir Schold war, datt den 11. September an e Krich am Irak dertëscht komm sinn, déi d'Stëmmung op de Marchéen net grad verbessert hunn?

Oder wëllt d'LSAP eis soen, datt et der Regierung hir Schold ass, wann eis wichtegst Handelspartner, eis Noperen an déiwe finanziellen a wirtschaftleche Schwieregkeete stiechen?

Oder wëllt d'LSAP eis soen, d'Regierung hätt missen den Abroch vun den internationale Bourssë veränneren oder verhënneren?

Oder wëllt d'LSAP eis soen, datt Lëtzebuerg misst e wirtschaftlecht autarkt Land ginn?

Oder wëllt d'LSAP eis soen, datt eis Regierung hätt missen Afloss op den Euro-Cours par rapport zum Dollar huelen?

Et ass einfach kloer, all international Instituter an Institutioune soen eis, datt déi Problemer net hausgemaach sinn. Lëtzebuerg ass nun emol keng Insel, et kann een et net oft genuch widderhuelen.

***(Interruptions)***

Dës Regierung huet bis elo keng falsch Décisioune geholl, falsch am Sënn datt déi Décisiounen d'wirtschaftlech Grondlage méi schlecht gemaach hätten. Eis Ekonomie wiisst net méi esou, wéi mir dat vläicht emol gewinnt waren. Mir wësse spéitestens zënter dem September vum leschte Joer, datt dat esou ass. Dat ass awer keng Katastroph, well dës Regierung eist Land gutt preparéiert huet.

D'Analys, déi mir viru Jore gemaach hunn, ass och haut nach richteg. Well Lëtzebuerg eng kleng an eng offen Ekonomie ass, ass Lëtzebuerg natierlech staark ofhängeg vun der internationaler Konjunktur, vun der Konjunktur vun eise wichtegsten europäeschen Handelspartner. Dat ass net nei, dat hu vill Riedner an deem leschte Joer ëmmer erëm hei an der Chamber betount.

Wann d'LSAP sech also bis 1999 mat där gudder finanzieller Situatioun vum Stat zefridde ginn huet, a wa mer gläichzäiteg wëssen, datt e gudden Deel dovun, esou wéi d'DP dat och virun 1999 kloer gesot huet, erklärbar war duerch déi gutt international Konjunktur, dann, Här President, muss d'LSAP och de Courage hunn an de Leit haut éierlech soen, datt d'Ofschwächung vum wirtschaftleche Wuesstum virun allem a bal ausschliesslech op déi schlecht international Konjunktur zréckzeféieren ass. Dat, fir datt mir op d'mannst emol an der Analys vun der Situatioun eens sinn. Deen nämlech, deen haut behaapt, datt déi wirtschatlech Problemer zu Lëtzebuerg hausgemaach sinn, deen ass net éierlech mat de Leit an eisen Aen.

Schlëmmer ass et dann, wann déiselwecht, déi haut Virwërf un d'Adress vun der Regierung riichten, si géing net genuch fir d'Wirtschaft a fir d'Leit maachen, keng aner Alternativen hu wéi déi, déi d'Regierung sech am August 1999 schonns virgeholl hat. Dës Regierung huet hir Verantwortung iwwerholl an d'Steierbelaaschtung vun de Betriber an de Personnes physiques substanziell erofgesat an esouguer am Beräich vum zweeten an drëtte Pilier Neel mat Käpp gemaach. Haut gesi mer jo schonns déi éischt Friichten dovunner. Haut gesi mer, datt mer do e wesentleche Schrëtt a Richtung Kompetitivitéit vun de Betriber gemaach hunn. Haut gesi mer, datt dat Geld, wat mir dem Bierger an den Entreprisë méi an der Täsch gelooss hunn, gutt ugeluecht ass a ganz sécher dozou bäidréit fir d'Investitiounsbereetschaft vun den Entreprisen an d'Consomatiounsbereetschaft vun de Ménagen op engem héijen Niveau ze halen. An ech si frou ze héieren datt d'Verméigenssteier fir d'Personnes physiques soll ofgeschaaft ginn an duerch eng Quellesteier vun 10% ersat gi bei engem Abattement vun 3.000 Euro fir den eenzelne Steierzueler.

Loosst de Leit esou vill Geld wéi méiglech an der Täsch. Dat war an ass op alle Fall eise Credo nach ëmmer gewiescht. De Stat soll sech esou vill Geld wéi néideg huele fir seng Aufgaben, déi mir him ginn, ze erfëllen. Trotz enger schwiereger Konjunktur investéiert dës Regierung, investéiert den Transportminister Henri Grethen esou vill an d'Eisebunn an insgesamt an den öffentlechen Transport wéi ni virdrun. Trotz enger schwiereger Konjunktur investéiert dës Regierung an den Développement vun den Industriebroochen am Süden. Trotz enger schwiereger Konjunktur investéiert dës Regierung an den Ausbau vu senger Schoul a sengem Gesondheetswiesen.

Här President, a sengem Budgetsrapport iwwert den dësjährege Budget huet de Rapporteur d'Situatioun treffend beschriwwen: „Le Luxembourg ne se trouve pas en état de crise, au contraire. Le ralentissement de la croissance économique n'est pas dû à des raisons structurelles, mais s'explique par une mauvaise conjoncture européenne et internationale." Genau dat, Här President, krute mer bestätegt vum bekannten IMD World Competitiveness scoreboard vun 2003, wou Lëtzebuerg an der Kategorie vun de Länner ënner 20 Milliounen Awunner déi sechste Plaz am internationale Kompetitivitéits-Ranking kut, ganz knapp hannert der Schwäiz an Hongkong. Ech wëll dëse Ranking elo net iwwerbewäerten, well ech weess datt dat keng genau Wëssenschaft ass. Mä nach wëll ech awer Folgendes ze bedenke ginn: Mat dëser Plaz huet Lëtzebuerg déiselwecht Plaz am Ranking ageholl wéi dat zum Beispill am Joer 2000 de Fall war, e Joer vun héijem Wirtschaftswuesstum, e Joer mat engem héije PIB.

Mir sinn also an deene leschte Joren net méi schlecht ginn. Lëtzebuerg ass an deene leschte Jore besser ginn. Mä Lëtzebuerg muss nach besser ginn. Mir musse weiderhi kämpfe fir nach méi kompetitiv ze ginn a fir nei Marchéen ze erschléissen. An dësen Zäite soll een net just de PIB am A behalen, mä och a besonnesch d'Kompetitivitéit. Mir kënne ganz sécher net déi international Konjunktur beaflossen. Mir kënnen awer ganz sécher eis national Kompetitivitéit beaflossen, an hei mécht dës Regierung eng excellent Aarbecht, an zwar an alle Beräicher. AOL an AMAZON géinge soss sécher net op Lëtzebuerg kommen. Hiert Kommen op Lëtzebuerg ass eng Signalwierkung a mir freeën eis doriwwer.

Aner multinational Betriber wiere soss sécher net zu Lëtzebuerg bliwwen. Sécher ass et richteg datt Léin a Gehälter proportionell méi schnell wuesse wéi d'Produktivitéit, dat ënner anerem wéinst méi héije Salairen an der automatescher Indexupassung vun de Léin, an datt sech dat Ganzt op d'Kompetitivitéit vun de Betriber auswierkt. Allerdéngs muss ech do soen, éischtens datt keng vun de Parteien heibannen den Index ofschafe wëllt. Op alle Fall hunn ech nach keen dat fuerderen héieren. Zweetens ass et richteg, datt am Verglach mam Ausland d'Léin méi schnell gewuess sinn. Allerdéngs hu mer och als Contre-partie e relativ stabelen a stabile soziale Fridden an dofir net all Dag iergendee Streik. Ausserdeem ginn ech ze bedenken, datt mir mat déi niddregst Steierlaaschten a Sozialllaaschten an Europa hunn, esou datt d'Kompetitivitéit vun eise Betriber net an deem Mooss a Gefor ass.

Sécherlech ass et awer esou datt d'Léin, d'Formatioun an d'Fuerschung déi eenzeg Hiewele sinn, déi een huet fir op d'Produktivitéit Afloss ze huelen. Hei mussen engersäits d'Sozialpartner hir Verantwortung iwwerhuelen a mat enger geschéckter Lounpolitik dofir suergen, datt d'Kafkraaft vun de Leit erhale bleift ouni d'Inflatioun dobäi aus den Aen ze verléieren. Hei huet d'Regierung jo en Observatoire de la compétitivité sënnvollerweis ugekënnegt, deen eis et erlabe wäert méi dépassionnéiert iwwert dës Froen ze diskutéieren. Anerersäits muss de Stat dofir suergen, datt de Kader ginn ass fir eng gutt Bildung a Fortbildung a fir Fuerschung an Innovatioun.

Här President, an de leschte Wochen a Méint konnt ee feststellen datt d'LSAP elo déi schlecht Wuesstumszuele benotze wëllt fir politescht Kapital doraus ze zéien a fir Stëmmung am Land ze maachen. Et gouf aus der Hëft geschoss um Enn vum leschte Joer. Déi Schëss aus der Hëft hunn awer gewise wat et mat de sozialistesche Kritiken a Wierklechkeet op sech huet. Dat huet sech nämlech den 18. November an enger Pressekonferenz an dräi Wierder résuméiert. D'Sozialiste si prett. Ech froe mech just woufir a wien? Op hirem leschte Kongress hu se nach emol geschoss an hunn deklaréiert, …

***(Interruptions diverses)***

…Lëtzebuerg wier elo wéinst dëser Regierung de Klassendepp an Europa. Och wann ech verstinn, datt op sozialistesche Parteikongresser verbal Ausrutscher ëmmer erëm geschéien, och op anerer, esou verstinn ech awer net datt dës LSAP mat esou enger grousser Verantwortungslosegkeet operéiert vis-à-vis vum Bierger. D'Wierklechkeet vun der sozialistescher Partei an d'Wierklechkeet dobausse sinn zwou verschidde Saachen. D'Wierklechkeet ass déi, datt d'Wirtschaft méi lues dréint, mä datt eist Land an eis Ekonomie an de Startbléck steet wann d'Marchéen erëm unzéien. Mir mussen un eis selwer gleewen. Mir mussen un eis Stäerkte gleewen an eis net geckeg maache loosse vun iergendwelche Kregéiler, déi sech wichteg maache wëllen oder déi e parteipoliteschen Notzen aus der aktueller Situatioun zéie wëllen.

Här President, fir 2003 gesäit de Statec e Chômage vun 3,8% viraus, während de Wuesstum vum PIB sech tëschent 1,0 an 1,5% apendele soll. D'Inflatioun soll bei 2,1% Prozent leien an d'Salairë sollen nominell ëm 2,5% klammen. Dat sinn net déi Resultater un déi mer gewinnt si bei dëse Parameteren, mä et sinn awer och keng Kriseresultater. Mir sollen, wéi ech grad gesot hunn, un eis gleewen, a mir hunn all Grond un eis selwer ze gleewen, well d'Regierung fir optimal Konditioune gesuergt huet an och weider suerge wäert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Dir hutt besser Dir gleeft un lech, well soss gleeft keen un lech!

***(Interruptions diverses)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Ech mengen net, Här President, well wann d'Leit un d'Sozialiste gegleeft hätten, dann hätte si se net ofgewielt.

En zweete Punkt, op deem d'Sozialisten eis wëllen attackéieren, ass dee vun der Diversifikatioun. Erlaabt mer, Här President, datt ech bei dësem Punkt gläich virop pour mémoire e puer Zuele widderhuelen. Laut dem Statec sinn am Joer 2002 d'Investissementer an der Ekonomie ëm 48% gewuess par rapport zum Joer 2001. An därselwechter Zäit sinn déi geschafen Emploien ëm 112,8% geklommen.

An enger ongläich méi schwiereger wirtschaftlecher Situatioun an an enger Situatioun vun internationaler Konjunkturschwächt huet de Wirtschaftsminister Henri Grethen also déiselwecht Performancen erreecht a fënnef Joer, wéi säi sozialistesche Virgänger a 15 Joer zu Zäite vum Wirtschaftsboom, deen do dra gefall ass. Dat kënnt een also dem Här Goebbels als Argument entgéint werfen, wann hie sech selwer a vun him verfaassten Zeitungsartikelen op déi zwou Schëllere klappt.

Här President, wann et eng Tatsaach ass, datt de Finanzsecteur den Haaptpilier vun eiser Ekonomie duerstellt, esou ass et genau esou wouer datt mer eis Ekonomie och nach mat anere Piliere stäipe mussen. Fir dat ze realiséieren, musse mer niewent der Diversifikatioun vun eiser Produktpalett op der Finanzplaz och eis Ekonomie diversifizéieren. Dat ass absolut keng nei Erkenntnis. Et ass eng Erkenntnis, déi mer och haten zu Zäite vum héije Wuesstum. Mir hunn op alle Fall béides gemaach an dat mat der grousser Approbatioun vun deene konzernéierte Milieuen. An dozou kann een dann nach eng Kéier dem Henri Grethen seng Foiresried eraushuele vum 19. Mee 2001. Ech erspueren lech awer wat en dozou gesot huet. Et ass jo liicht nozeliesen.

***(Interruptions diverses)***

Här President, en huet Folgendes gesot: „La diversification économique nous invite à explorer de nouvelles pistes, à rechercher de nouveaux pôles de développement à haute valeur ajoutée qui pourraient émerger au Luxembourg. Je songe ici en particulier à la biotechnologie, au génie génétique."

Dem aktuelle Wirtschaftsminister gëtt jo vum Här Goebbels zum Beispill virgeworf, e géif sech striewen an d'Biotechnologien anze-

klammen. Dat zwéngt mech dozou dat ze widderhuele wat ech schonns de leschten Dezember während de Budgetsdebatten hei op dëser Plaz gesot hunn, an der Hoffnung datt dës Kéier den Echo bis an de Parc de l'Orangerie op Stroossbuerg reecht.

Also nach eng Kéier. Am Kader vun den Diskussiounen iwwert de Projet de loi, deen d'Transpositioun vun der Direktiv iwwert d'Protection juridique des inventions biotechnologiques virgesäit, huet d'Chamber eng Motioun ugeholl, déi d'Regierung opfuerdert déi Direktiv ze renégociéieren. Ech wëll ausdrécklech dorunner erënneren, datt mir déi Motioun zesumme mat de Vertrieder vun der sozialistescher Fraktioun gestëmmt hunn. An ech wëll dann ënnersträichen, datt keen anere wéi d'Madame Delvaux d'Initiativ vun esou enger Motioun geholl hat andeem se déi hei den 11. Juli am Joer 2001 déposéiert huet. D'Chamber huet déi Motioun gestëmmt, well se genau wéi déi Lëtzebuerger Sozialisten eng Rei vu berechtegte Bedenken hat. Just den Här Goebbels, deen net hei war, hat dat net matkritt wéi et schéngt.

Da muss ech och soen, dass de fréiere Wirtschaftsminister mat ganz graven Ënnerstellungen operéiert. Net nëmmen dass hien dem Här Grethen virwerft hie géing am Kader vun der Finanzplaz vun enger „industrie crépusculaire" schwätzen, wat dësen ni gesot huet, mä donieft werft hien der Regierung an dem Statsminister Folgendes vir, an ech zitéieren hien: „Der Staatsminister ließ sich in Feira in einen Prozess einbinden, der den Finanzplatz scheibchenweise seiner Substanz beraubt."

Et géing ee grad mengen, dass deen, deen dat geschriwwen huet, ni an engem ECOFIN-Conseil gesiess hätt. Et géing ee grad mengen, dass de fréiere Wirtschaftsminister, wéi hien nach am Amt war, net matkritt hätt wéi schwiereg d'Négociatiounen an och wéi grouss den Drock op Lëtzebuerg waren. Dës Regierung huet en matière de fiscalité de l'épargne e gudde Match gemaach. Si huet dat Bescht aus der Situatioun erausgeschloen an d'Zukunft vun eiser Finanzplaz geséchert.

D'Finanzplaz huet elo eng kloer Situatioun, déi mer hoffen och geschwë kënnen an der EU ze enterrinéieren. Mir waren a mir mussen och weider dat Land sinn, dat europäesch Direktiven am Finanzwiesen als éischt ëmsetzt. Et ass d'Schnellegkeet, déi eis e Virsprong bréngt. Dës Majoritéit huet all Direktiven an dësem Sënn schnell ëmgesat, zum Bénéfice a mat der Approbatioun vun der Finanzplaz. Dës Majoritéit wäert och déi Projeten, déi de Statsminister gëschter ugekënnegt huet, beziehungsweis déi, déi eis schonns virleien, schnell ëmsetzen, sief et iwwert den Trust-Modell, iwwert d'Titrisatioun, d'Organschaft am Beräich vun der TVA, d'Risikokapitalgesellschaften oder déi spezialiséiert Finanzberuffer.

Här President, dem fréiere sozialistesche Wirtschaftsminister, deen am Tageblatt d'Tatsaach, dass bestehend Betriber hei zu Lëtzebuerg weider an zousätzlech investéieren als Quantité négligeable ofgeleent huet, muss ech Folgendes soen: Duerch d'Welt fueren an nei Investisseure sichen ass eng ganz wichteg Saach, mä sech och d'Méi gi fir bei d'Mammenhaiser vun deene bestehende Betriber, déi schonns hei zu Lëtzebuerg etabléiert sinn, ze goen, hinnen d'Standuertvirdeeler vu Lëtzebuerg ze erklären, si ze iwwerzeegen hir Investitiounen zu Lëtzebuerg ze maachen, ass op d'mannst genau esou wichteg. Der LSAP hir soi-disant Virschléi zur Diversification économique kenne mer. Et sinn nämlech déi, déi de Rapporteur Emile Calmes a sengem Budgetsrapport fir dësen Exercice analyséiert huet. Et sinn och déi, déi den Här Grethen schonns laang amgaangen ass ëmzesetzen. 21 Punkte vun der LSAP, déi 21-mol näischt Neies sinn.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Dat héiere se net gär.

***(Interruptions)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Wësst Der, Här Weiler, Ghostwriter kënnen net alles wëssen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Et ass mat deenen 21 Punkte genau wéi mat dem Pabeier vu Steesel. Och de Wirtschafts- a Sozialrot huet a sengem Avis versicht al Weisheete mat méi oder wéineger neien Iddien ze mëschen. Do soll een awer virsiichteg sinn an net esou maache wéi wann een do vun haut op muer kéint Beem ausrappen. Hei ass d'Regierung awer amgaangen hiert Bescht ze maachen an éischt Resultater hu mer jo gëschter vum Statsminister genannt kritt.

Ech sinn awer och frou festzestellen, dass d'Regierung niewent anere Moossnamen e Gesetz fir d'Risikokapitalgesellschafte maache wëllt, well et jo déi an de meeschte Fäll sinn, déi iwwerhaapt enger Investitiounskultur kloer Konture ginn. Nei a jonk Betriber heiheem a soss an Europa kréien domadder e besseren Zougang zu dem Kapital, wat si grad am Ufank brauchen an dat si sech net wéi aner gréisser Betriber un de Bourssen huele goe kënnen.

Wéi deklinéiert sech d'Diversifizéierungspolitik konkret? Ech hunn d'Prospektioun schonn ugeschwat. Ech hunn de Kontakt zu de Mammenhaiser ugeschwat. Déi Démarche reit sech an an de sougenannten Développement endogène. D'Ënnerstëtzung vun den Entreprisen an der Recherche an am Développement ass do e wichtegt Element. Hei si während dem Exercice 2005 15 Projeten ënnerstëtzt ginn an 41 Entreprisen huet de Stat gehollef bei Investissementer.

D'Kreatioun vu sougenannte Pépinières d'entreprise fir den Esprit d'entreprise ze encouragéieren ass och e wichtegen Aspekt. Ech denken hei zum Beispill un de Konzept Ecostart zu Féiz. Den Här Grethen huet och 2001 e Programm Clusters annoncéiert. Hei solle sech Entreprisë ronderëm d'Produktioun vun technologesch héichwäertege Baudeeler kreéieren. D'Resultater loosse sech weisen. Fir den Exercice 2002 konnt d'Grënnung vun néng neien Aktivitéite verzeechent ginn, wat engem Gesamtinvest vun 248,1 Milliounen Euro an 628 neien Aarbechtsplaze gläichkënnt. Vun 1995 op 1999, also ënnert der aler Regierung an ënnert deem ale Wirtschaftsminister, sinn 19 nei Entreprisë geschafe ginn. Säit dës Regierung um Rudder ass, sinn 29 nei Entreprisen an d'Land erakomm.

Et ass awer genausou wichteg och déi néideg Infrastrukturen ze schafe fir d'Implantatioun vun neien Entreprisen. E Beispill heifir ass de Crassier vun Élereng, wou déi ganz Friches industrielles, also 70 Hektar, virgesi si fir eng nei Zone industrielle à caractère national ze schafen.

Ech wëll dann awer och un e ganz anere Beräich hei erënneren, wou dës Regierung eppes gemaach huet wat eiser Ëmwelt an dem Mëttelstand zegutt kënnt, nämlech d'Förderung vun alternativen Energien. Hei hunn den Ëmweltminister Charel Goerens, de Statssekretär Eugène Berger an de Wirtschaftsminister Neel mat Käpp gemaach. Ech schwätze vum Projet de loi 5154, dee gëschter hei an der Chamber déposéiert ginn ass, genausou wéi vum Fait dass eis mëttelstänneg Betriber elo scho ronn eng hallef Milliard Ëmsaz haten, eleng opgrond vun de Reglementer, déi vun der Regierung fir d'Förderung vun alternativen Energië beziehungsweis fir déi rationell Notzung vun der Energie virgeholl gi sinn. Dat ass eppes wat ganz wichteg ass, mä Verschiddener hunn déi Reglementer vläicht net gelies.

5,3 Milliounen Euro u Subventiounen, verdeelt op 2.606 Dossieren, déi d'Leit beim Ëmweltminister tëschent Juli 2001 a Januar 2003 eraginn hunn, fir eng Subventioun an dësem Kontext ze kréien, weisen, dass och dës Projeten enorm positiv Répercussiounen op d'Handwierk hunn. Mat deem neie Projet de loi vum Wirtschaftsminister wäert et och fir d'Betriber méi einfach a méi interessant gi fir vermehrt op dës nei Technologien zréckzegräifen.

Här President, dësen Exkurs an dat wat dës Regierung fir d'Wirtschaft, de Mëttelstand an d'Ëmwelt mécht hu gewisen, dass dës Regierung d'Situatioun net nëmmen am Gréff huet, mä och amgaangen ass d'Zukunft vum Land aktiv an offensiv virzebereeden. Wien dat net gleeft invitéieren ech zum Beispill op déi franséisch Zeitung Expansion zréckzegräifen, déi am Mäerz en Artikel veröffentlecht hat, wou d'Léisungen dran opgezeechent ware wéi een d'Wirtschaft vun engem Land kéint ukuerbelen.

Erlaabt mer nach e puer Wuert zum Chômage ze soen, Här President. Wann d'Leit an de Chômage falen, dann ass dat ganz oft eng mënschlech Katastroph fir déi Leit a fir hir Familljen. Et ass an dësem Fall net wichteg, ob et sech ëm Frontalieren, ëm auslännesch Matbierger oder ëm Lëtzebuerger handelt an et ass an dësem Fall och net wichteg, ob mir dann elo méi oder manner Chômage hunn oder net hunn, wa mer déi eng oder aner mat aberechnen oder net. Fakt ass, dass de Chômagetaux klëmmt, och wa sech dat am Verglach mam Ausland op engem ganz bescheidenen Niveau hält.

Ech sinn awer frou, dass d'Regierung net nëmmen offensiv den Dialog mat de Sozialpartner am Kader vun der Tripartite gesicht huet, mä och konkret Mesuren ergraff huet an dat schonns virum Usteige vum Chômage. Eng Pist, déi meng Fraktioun allerdéngs net suivéiere kéint, ass déi vun enger generaliséierter 35-Stonne-Woch. Muncher gesi jo doranner en Instrument fir eis Wirtschaft unzekuerbelen. Dat ass deemools och a Frankräich gesot ginn. Wann déi Theorie awer stëmme géif, da misst Frankräich jo e kräftege Wuesstum hunn. Or, de Contraire ass de Fall.

Ech woen hei ze behaapten, dass eng generaliséiert 35-Stonne-Woch fir Lëtzebuerg d'Compétitivitéit vun de Betriber an der Ekonomie besonnesch an dësem Moment a Fro stellt, vill ze deier kascht an awer keng sozial Verbesserunge mat sech bréngt, d'Spannungen op eisem Aarbechtsmarché nach méi grouss mécht, besonnesch an deene Beräicher wou mer souwisou eng Pénurie vu Leit hunn. Meng Meenung ass op alle Fall déi, dass mir de Chômage net bekämpfen, wa mer d'Compétitivitéit vun de Betriber a Fro stellen. A court terme sinn déi existéierend Begleetmoossname gutt a richteg fir deene Betraffenen e gewëssenen Halt ze ginn a fir se muer besser um Aarbechstmarché integréieren ze kënnen.

Och déi Iddi fir géint de Chômage social ze kämpfen ass gutt. Et muss dobäi awer selbstverständlech opgepasst ginn, dass mer net en zweeten Aarbechtsmaart parallell opbauen. A long terme ass awer sécher eng gutt Bildung a Fortbildung de Schlëssel fir eng besser Compétitivitéit vun eise Matbierger um Aarbechtsmarché. Dofir musse mer éischtens den Niveau vun der Ausbildung héich halen, Formation continue ubidde fir dësen Niveau och à moyen et à long terme ze halen. Mir mussen awer och eise Kanner hëllefe sech richteg ze orientéieren a si net an d'Aarbechtslosegkeet era manövréieren oder eran orientéieren.

Ech wëll just hei nach eemol däitlech betounen, dass d'Aarbechte vun der Madame Brasseur a Richtung méi Qualitéit am Bildungswiese ginn, a Richtung besser Integratioun, a Richtung besser Orientatioun an a Richtung besser Programmer voll amgaange sinn. Ech wier frou, wa mer eis all Joer kéinte ganz spezifesch iwwert d'Schoul ënnerhalen. D'PISA-Debatt, déi mer hei am Parlament gefouert hunn, den 29. Januar, huet jo gewisen, datt een dépassionnéiert diskutéiere kann iwwert d'Schoul.

Meng Fraktioun hält op alle Fall hir Propositioun oprecht, fir all Joer am Parlament eng Debatt iwwert d'Schoul ze féieren, well d'Educatioun d'Basis vun eiser Zukunft an och de Schlëssel zum Aarbechtsmaart ass. Dofir proposéiere mer dëst Joer déi Diskussiounen an déi Debatten am November, ech géif souguer soen Enn November, ze féieren.

Här President, ech wëll zum Schluss nach eppes hei ganz däitlech ënnersträichen. Meng Fraktioun steet och an Zäiten, wou et net esou wirtschaftlech gutt dréint, zum Konzept vum Développement durable. Ech deelen dem Här Castegnaro seng Approche net, datt d'Ëmweltpolitik elo misst an den Hannergrond trieden. Wa mer dat géife maachen, da géinge mer eist eegent Engagement ad absurdum féieren. Méi Liewensqualitéit mat der Method vum Développement durable ass grad an och a méi schwieregen Zäiten eist d'Zil. Sécher, haut dréckt sech d'Liewensqualitéit méi heefeg a sozialer Sécherheet aus, wéi dat vläicht nach virun e puer Méint de Fall war, mä d'Loft, d'Waasser, de Buedem, d'Fauna an d'Flora, jee d'Natur déi mer virun e puer Méint wollte fir déi zukünfteg Generatioune méi propper maachen oder méi propper halen, muss, onofhängeg vu wirtschaftlechen Zyklen, och wierklech propper gehalen oder och propper gemaach ginn.

D'Demokratesch Partei a mat hir un der Spëtzt den Ëmweltminister Charel Goerens an de Statssekretär Eugène Berger bestinn op alle Fall op dëser Politik, déi, wa mer se net duerchzéien, muer grave Konsequenze fir eis hätt, déi och wirtschaftlecher oder sozialer Natur sinn.

***(Interruption)***

Mir diskutéieren hei d'Positioun vun der Regierung. Dofir hunn ech nëmmen déi mat abezunn.

Ech erënneren zum Beispill drun, datt d'Kyoto-Engagementer bedeiten, datt mer muer musse Strofe bezuelen, wa mer eis Ziler net erreechen.

Här President, d'Lëtzebuerger Sozialistesch Aarbechterpartei…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Elo provozéiert Der.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech hunn net vun der Fraktioun geschwat, ech hu vun der Partei geschwat.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Mä Dir gitt lech awer eng sichen, Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, d'Lëtzebuerger Sozialistesch Aarbechterpartei ass net ze beneiden.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Är Successioun 2004 unzetrieden ass keng einfach Saach.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, wat den Här Di Bartolomeo méi oft d'Riedner hei ënnerbrécht, wat d'Leit dobausse méi béis iwwert e ginn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Wann et esou Riedner si wéi Dir, sinn d'Leit mer sécher net béis.

M. le Président.- Loosse mer endlech ophale mat deem Gestëppels, et bréngt jo näischt.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Hei ass jo nëmmen eng Feststellung, déi ech maachen.

A regelméissegen Ofstänn bekloe sech hir Riedner, fir Argumenter géint dës Regierung ze sichen. A regelméissegen Ofstänn soe si, datt näischt géing geschéien oder datt et net schnell genuch géing geschéien. A regelméissegen Ofstänn behaapte si, datt si an der Oppositioun eigentlech alles, awer och wierklech alles besser wëssen a besser kënnen.

Kuerz résuméiert, Kanounendonner aus der Maison Mohr de Waldt an och nach heiansdo Schëss vum Sniper vu Stroossbuerg, dat charakteriséiert elo déi wierklech sozialistesch Politik.

Wann den opgekläerte Bierger sech dann emol d'Méi mécht fir de politeschen Aktionismus vun der LSAP genau anzeschätzen an ze analyséieren, da stellt hie Folgendes fest: Wann een d'Gejäiz an d'Ideologie ewechléisst, da bleift eng LSAP iwwreg déi keng Argumenter, keng Alternativen a virun allem keng nei Iddien huet fir dëst Land no vir ze bréngen.

Meng Fraktioun ass op alle Fall iwwerzeegt, datt dës Regierung, an där meng Partei zënter August 1999 mat Verantwortung dréit, eng excellent Aarbecht gemaach huet, zesumme mat hirem Koalitiounspartner, sief et um finanziellen, wirtschaftlechen, sozialen oder ëmweltpolitesche Plang. Mir hu Vertrauen doranner, datt dës Regierung och dat lescht Joer vun dëser Legislatur notze wäert fir déi Reformen an d'Weeër ze leeden, déi mer eis virgeholl hunn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dem Här Statsminister seng Erklärung zur Lag vun der Natioun gëtt all Joer op en Neits d'Geleeënheet fir Bilanz ze zéie wou mer als Gesellschaft, als Land stinn, dat souwuel op nationalem wéi internationalem Plang. Et gëtt eis awer och virun allem d'Geleeënheet fir Differenzen oder Gemeinsamkeeten tëschent deenen eenzelne Parteien am Parlament ze definéieren, Luef oder Kritik ze üben iwwert déi verschidde Politiken, déi prioritär am Bléckpunkt stinn.

Wann an deene vergaangene Joren eis Ekonomie Rekordresultater opzeweisen hat an dofir d'Diskussioune sech op d'Verdeele vun de Plus-valuë konzentréiert hunn, op Steierermässegungen, den Ausbau vu soziale Strukturen, esou hunn d'Zäite geännert. De wirtschaftleche Facteur mat senge Konsequenzen op Stats- a Gemengefinanzen an op den Aarbechtsmaart sinn noutgedrongen haut zum wichtegste politeschen Thema ginn. No zwee Jorzéngte wirtschaftlechem Boom, mat de Rekordjoren 1999 an 2000, dréint zënter 2001 d'Wirtschaft méi lues.

An engem Zäitraum vun nëmmen dräi Joer sinn op de Bourssen e Kapital an der Héicht vun 10 Milliarden Dollar verluer gaangen. Den 11. September 2001 an den Irakkrich waren zwee zousätzlech Schocken, déi d'Wirtschaft negativ beaflosst hunn. D'Boursse sinn a sech zesumme gefall an d'international Finanzmäert dréinen dorophi méi lues. Keen anert Land wéi Lëtzebuerg, wat esou vum Finanzsecteur ofhänkt wéi mir, muss sech dofir direkt d'Fro no de Konse-

quenze stellen, virun allem da wann de Risiko besteet dass dës Situatioun méi laang unhale kann.

Eis Ekonomie huet schonns verschiddentlech eng Kris erlieft an iwwerlieft an ass an der Regel souguer gestäerkt doraus ervirgaangen. Zesumme sinn ëmmer Weeër fonnt ginn, déi op der nationaler Solidaritéit berout hunn. Och wa verschidde Leit nach net vun enger Kris wëlle schwätzen, esou weisen d'Parameteren dach dorobber hin. Den Här Statsminister huet gëschter fir d'éischt vum Krisele geschwat.

Mir verstinn, dass eng Regierung net direkt vun enger Kris wëllt schwätzen, nach se wëllt offiziell deklaréieren, fir net esou no baussen den Impuls wëllen ze ginn dass d'Konsumenten duerch eng Iwwerreaktioun eng zousätzlech Brems ageheien, déi der Wirtschaft nach zousätzlech géif schueden. Esou maache wéi wann awer alles am Botter wier, ass awer genau esou falsch, an ech géif souguer soe vill méi geféierlech. An et ass dëst, eiser Meenung no, e grousse Feeler vun dëser Regierung gewiescht, d'Situatioun vill ze spéit erkannt ze hunn an duerch permanent Behaaptungen et wier keng Kris, et géif eis nach ëmmer gutt goen, déi falsch Impulser ginn huet a sech selwer duerch déi Aussoen net an d'Situatioun konnt setzen, fir richteg ze reagéieren. Ech wäert méi spéit am Detail op dës Fro nach eng Kéier zréckkommen.

Ech wëll fir d'éischt mech méi mat der Finanzplaz an der domadder Ofhängegkeet vun onsem Stat auserneesetzen.

Esou wéi d'Land vun der ARBED bis an d'70er Joren ofhängeg war, esou ass d'Land haut vum Finanzsecteur ofhängeg, awer mat zwee net onwesentlechen Ënnerscheeder.

Éischtens, wéi d'Stolindustrie an d'Kris gefall ass, hate mer d'Chance, dass zum gläichen Zäitpunkt d'Finanzplaz quasi explodéiert ass, ons en Ersatz gebueden huet an doriwwer eraus och nach finanziell Mëttelen erschafft huet, fir dem Land ze erlaben d'Stolindustrie ze restrukturéieren.

Zweetens, d'ARBED war eng Lëtzebuerger Gesellschaft, mam Stat als Haaptaktionär a mat Sëtz hei zu Lëtzebuerg, an duerfir sech net konnt vum Lëtzebuerger Maart zréckzéien, awer vill Filialen am Ausland zougemaach huet.

D'Banken, mat enger, zwou Ausnahmen, sinn auslännesch Gesellschafte mat dem Mammenhaus am Ausland. Et ass also ëmgedréint wéi bei der ARBED, a mir behalen d'Finanzplaz nëmmen hei, wann de Standuert Lëtzebuerg fir d'Mammenhaiser interessant bleift. Ass dat net de Fall, sinn d'Banke fort, mat alle Konsequenze wat dat fir eist Land bedeit. Esou wéi d'ARBED fréier, esou hunn d'Banken haut wéi a kengem aneren europäesche Stat en direkten Afloss op d'Land, seng Finanzen, seng Beschäftegungspolitik, résuméiert op d'Zukunft, op de Wuelstand vum Land.

An engem Zäitraum vu 25 Joer huet d'ARBED 80% vu senger Belegschaft, iwwer 25.000 Leit, ofgebaut. An deemselwechten Zäitraum huet d'Bankeplaz hiert Personal op 25.000 Persounen ausgebaut. 1960 huet d'Industrie 47% an de Finanzsecteur 1% vum PIB duergestallt. 1974 huet de Changement ugefaangen. D'Industrie ass op 42% erofgaangen, an de Finanzsecteur ass op 6% vum PIB eropgaangen. 1999 huet d'Industrie nach just 14% an de Finanzsecteur 46% duergestallt. Bis zu zwee Drëttel vun dem Stat senge Recettë kommen direkt oder indirekt vum Finanzsecteur an ënnerstäichen am däitlechste wéi ofhängeg mir als Stat vun deem Secteur sinn. Eis Moyenen, fir am Interesse vum Finanzsecteur ze reagéieren, si limitéiert a ginn ëmmer méi limitéiert, an op d'international Kapitalmäert hu mer keen Afloss.

Virsiicht ass also scho gebueden, well en aalt Spréchwuert seet, een deen héich klëmmt, kann och héich eroffalen. Bekanntlech si mir Lëtzebuerger net wéineg houfreg drop deen héchste Liewensniveau an Europa ze hunn. No de Joren 1999 an 2000 mat Rekordwuesstum sinn an deene leschte Joren d'Wuesstumsquoten op 1% oder manner oder erëm 1% gefall. An all Kéiers huet d'Lëtzebuerger Regierung opgrond vun hire Servicer, dem Statec oder aneren Instrumenter, sech an de virgesote Pronosticë staark verschätzt. Fir 2001 huet se, wéi de Budget 2001 deponéiert ginn ass, eng Wuesstumsquot vu 6% ugekënnegt. Beim Budget 2002 huet se d'Revisioun vun 2001 op 3,9% gemaach a beim Budget 2003, wéi deen deponéiert ginn ass, op 3,5 an eréischt am Oktober 2002 si mer du gewuer ginn, datt mer a Wierklechkeet nëmmen e Wuesstum vun engem Prozent haten.

Datselwecht hu mer erëm gesi beim Joer 2002. Wéi de Budget deponéiert ginn ass, ass mat engem Wuesstum vu 5,3% gerechent ginn. Dat ass erofgaangen op 0,5 an neierdéngs soll en erëm op 1% eropgoen.

An déi éischt Propositioun vum Budget 2003 louch bei enger Progressioun vu 6,6% an haut schwätze mer och do schonn nëmme méi vun 1%.

D'Konsequenze vun dëser Regierungspolitik war d'Entwécklung vum PIB ze spéit erkannt ze hunn. Eis geet et nach ëmmer gutt, war am Fong de Slogan, d'Motivatioun déi no bausse gaangen ass. Den Här Statsminister huet bei der Lag vun der Natioun den 3. Mee 2001 gesot: „Hei zu Lëtzebuerg gi mer vun engem nationale Wuesstum am Joer 2001 aus, wat ronn 3% méi niddreg läit wéi dat vum Joer 2000. Dat heescht also 5%. Mir mengen, eis Ekonomie géif esouwuel am Joer 2000 wéi och am Joer duerno, also 2001, liicht iwwer 5% méi staark ginn." D'Realitéit war, mir si bei engem Prozent gelannt.

Ee Joer méi spéit, de 7. Mee, seet den Här Juncker a senger Deklaratioun: „De Statec geet dovun aus, datt de Wirtschaftswuesstum zu Lëtzebuerg am Joer 2001 nëmmen 3 bis 4% bedroen huet." D'Realitéit war 1%. Deeselwechte 7. Mee seet den Här Juncker: „De Statec geet dovun aus, datt mer am Joer 2002 eng Wuesstumsverbesserung vun 2,7% erreeche wäerten. Fir 2003 geet jiddereen dovunner aus, datt mer erëm méi staark wéi 3% wuessen." Alles dat ass net agetratt. Weider sot den Här Statsminister: „Eis Ekonomie wiisst méi lues an dat huet och säi Gutts. Mä si hëlt net esou of wéi bei eisen Noperen." D'Realitéit war, 2001 ware mer déi lescht an der Hitparad vu ganz Europa.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Dat ass zwar falsch, mä et kléngt awer gutt.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat si Statistiken, déi dat ganz kloer bewisen hunn. Vun 2001 un hate mir dee mannste Wuesstum.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Dat ass falsch.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo, da kommt Dir mat anere Statistiken.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Ech sinn net méi esou kéng de Statec ze zitéieren, well wann ech en zitéieren, sot Der, ech hätt mech gëiert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här Statsminister, de Statec, dat ass en Instrument vun Iech. Wann deen net ka richteg rechnen, da musst Der dee reforméieren. Op jidde Fall kënnt Dir net heihinner kommen an Iech hannert de Statec verstoppe fir Chifferen, déi Dir iwwer Joren hei deklaréiert hutt. Well soss brauche mer Iech net méi hei ze lauschteren. Da brauche mer just de Statec hei ze lauschteren.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Dir liest jo just de Statec vir.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Well de Statec deen ass, deen einfach heifir responsabel am Land ass.

Den Här Weiler setzt sech scho bei d'sozialistesch Kolleegen. Dat léisst déif blécken.

***(Interruptions diverses)***

Den Här Statsminister huet gëschter deklaréiert, datt de Budget 2002 mat engem Iwwerschoss vu 60 Milliounen Euro oder 2,4 Milliarde Frang géif ofschléissen. Dat stëmmt. Dat gleewe mer. Mä wat den Här Juncker net gesot huet, dat ass datt mer an der Finanzkommissioun vun dëser Chamber am Hierscht d'lescht Joer informéiert si ginn, datt am Fong de Budget 2002 géif mat engem Defizit ofschléissen an d'Direktere vun de Verwaltungen eis gesot hunn, datt si dofir d'Andreiwe vun de Steieren accéléréiert hätten an eis am Dezember nach eng Kéier gesot hunn, datt si ze vill accéléréiert hätten, datt si dunn am Fong méi agezunn hätte wéi se wollten nodréiglech anzéien an dofir géif en Iwwerschoss erauskommen, a si hunn eis gesot datt d'Suen, déi mer d'lescht Joer méi séier agezunn hunn, eis géifen am Budget vun 2003 feelen. Ech mengen, et muss een och fairerweis dobäi soen, wéi dee Benefiss do zustane komm ass. Dat sinn op jidde Fall d'Aussoe wéi mer se an der Finanzkommissioun vun de Responsabele vun deene Verwaltunge kritt hunn.

Mir zéien d'Steiere bekanntlech bei de Betriber mat engem Retard vun zwee bis véier Joer an, an dat erlaabt dann och eben esou kënnen e bëssen ze jongléieren, wann een ausganks des Joers méi oder manner Geld wëllt an d'Statskeess erakréien.

Mir liewen elo nach ëmmer vun deene gudde Joren 1999 an 2000. An deenen nächste Joren, dat heescht no de Wahlen, rechne mer eréischt steierpolitesch déi schlecht Joren of. Bis elo sinn dat dräi Joer, 2001, 2002 an 2003. An anere Wierder, mir hunn 2001, 2002 an elo 2003 méi Suen am Prinzip ausginn, wéi mer an deene Jore verdéngt hunn. Mir hunn iwwer eis Verhältnisser gelieft. Als ADR hu mir bei dem Budget...

***(Interruption)***

Wat sot Der, Här Weiler?

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Wa mer dat gemaach hätten, wat Dir alles gefuerdert hutt, da wier d'Loft eis scho virun dräi Joer ausgaangen!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech weess net wat den Här Weiler do mengt, Här President.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Huelt emol Är Motiounen, déi Der hei abruecht hutt! Liest déi emol no!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, wann den Här Weiler elo esou freet, ech hunn zoufälleg hei e Blat leien, wat den Här Weiler de 14. Mee 2002 hei gesot huet iwwert den ADR: „Här President, d'Propositioune vum ADR, esou gutt bei de Steiere wéi beim Kommodo, hätten als Konsequenz net manner, mä méi Wirtschaftswuesstum. Si hätten als Konsequenz d'Land net manner, mä nach méi attraktiv fir d'Investitiounen ze maachen. Si hätten als Konsequenz net manner, mä méi Aarbechtsplazen." Dat hutt Dir, Här Weiler, de 14. Mee 2002 hei an der Chamber behaapt.

Et war elo Chance datt do, oder ech fir Iech, datt ech dat Blat grad hei zoufälleg op mengem Riednerpult fonnt hunn, well dat huet awer elo ganz genau dohinner gepasst zu deem wat Der elo grad gesot hutt.

Als ADR hu mer bei de Budgetsdebatten am Dezember 2002 drop opmierksam gemaach, datt ee misst d'Entwécklung vun de Statsrecetten an den Dépensë méi wéi jee an den Ae behalen, a mir haten dofir eng Motioun agereecht fir datt d'Regierung, d'Parlament, dat heescht d'Budgets- an d'Finanzkommissioun, all Mount iwwert d'Entwécklung vun de Statsfinanzen informéiere misst. D'Regierung huet argumentéiert, all Mount wier aus prakteschen Iwwerleeungen net méiglech an d'Majoritéit huet dunn eng Motioun, mat där mir och averstane waren, abruecht, wou d'Regierung opgefuerdert ginn ass d'Chamber trimestriellement ze informéieren. Dat ass leider bis haut awer nach net geschitt.

Och huet gëschter den Här Statsminister fir d'éischt vun Empruntë geschwat. D'Statsschold ass kleng, awer mir schwätzen ni vun der verstopptener Schold, wou mer d'Projeten iwwert d'Garantiegesetz finanzéieren. An obwuel dat laut de Bréisseler Kritäre keng Schold ass, an der Realitéit awer eng Schold ass, déi och muss zréckbezuelt ginn.

De Chômage ass e ganz wichtegen Thema. Zënter 1999 am Fong, wou déi nei Regierung am Amt ass, sinn d'Zuele wat d'Chômeuren ubelaangt dramatesch geklommen. Esou zum Beispill d'Demandeurs d'emploi vun 5.351 op 7.545. Dat ass e Plus vun 2.194 Demandeurs d'emploi oder 41%.

D'Beschäftegungsmoossname sinn an d'Luucht gaang vun 1.751 op 2.869. Dat ass e Plus vun 1.118 Persounen oder 63,8%. Am Total ass d'Zuel an d'Luucht gaange vun 7.102 op 10.414. Dat ass e Plus vun 3.312 Leit oder 46,6 % an engem Zäitraum vu véier Joer.

Den Taux de chômage prozentual gesi vis-à-vis vun der aktiver Populatioun ass vun 1999 vun 3,9 op 5,23% am Februar 2003 eropgaangen. Am Mäerz war dëse Prozentsaz 5,13. An dësen Zuele sinn d'Frontalieren net berücksichtegt.

Den 10. Mee 2000 huet den Här Statsminister a senger Erklärung zur Lag vun der Natioun hei erkläert - deemools war de Chômage bei 5.000 Leit - : „De Chômage wäert weider falen." Eng weider Kéier louch de Statsminister voll derniewent, niewent der Realitéit, well de Chômage ass duerno esou héich geklomme wéi nach ni virdrun.

E weidere Phenomeen, dee mer eiser Meenung no awer net däerfe bei deene Chifferen hei aus den Ae verléieren, dat ass datt mer am Fong eng paradox Entwécklung hu wat den Aarbechtsmaart am Zesummenhank mat der ekonomescher Entwécklung ugeet. Bei de Wirtschaftsexpäre gëtt allgemeng ugeholl, datt eng Ekonomie muss iwwer 2% d'Joer wuesse fir zousätzlech Aarbechtsplazen ze erschaffen. Hei zu Lëtzebuerg hu mer am Fong de Contraire erlieft. Am Joer 2001 hu mer e wirtschaftleche Wuesstum vun engem Prozent gehat an am Joer 2002 hate mer e Wuesstum vun 0,5% oder och, wéi elo gesot gëtt, eventuell engem Prozent. Mir hunn awer 2001 netto 10.000 nei Aarbechtsplaze geschaaft an 2002 hu mer nach 6.000 nei Aarbechtsplazen zousätzlech gehat. Also an engem Zäitraum vun zwee Joer, wou de wirtschaftleche Wuesstum op zwee Joer zesumme gesinn nëmmen tëschent 1,5 an 2% gewuess ass, hu mer 16.000 nei Aarbechtsplazen hei am Land geschafen. Dat ass am Fong e Phenomeen, deen a sech paradox ass. Wourop ass en zréckzeféieren? Sécherlech hunn d'Betriber an enger Euphorie vun de Boomjoren 1999 an 2000 nach reagéiert an och Opträg gehat. Sécherlech huet déi krass Fehlaschätzung vun der Regierung vun enger weider gudder wirtschaftlecher Entwécklung d'Betriber awer och iergeleet.

Wann eis Regierung am Hierscht 2002 eréischt festgestallt huet, datt mer 2001 nëmmen e Wuesstum vun engem Prozent haten, beweist dat am Beschte wéi kuerzsiichteg d'Wäitsiicht vun eiser Regierung war an ass. A wann déi Entwécklung och richteg ass, wéi um Rentendësch gesot ginn ass, datt ee muss eng Entwécklung hu vu 4% fir doduerch Aarbechtsplazen ze schafen, fir doduerch méi Cotisanten ze kréien, fir datt d'Pensiounskeesse laangfristeg finanzéierbar sinn, dann ass och déi Theorie hei op d'Kopp gestallt, well mir hu mat engem Wuesstum vun nëmmen 2% iwwer zwee Joer 16.000 Plaze geschafen. Mir fäerten awer, datt dës Aarbechtsplazen an deenen nächste Joren erëm wäerten ofgebaut ginn an datt doduerch de Chômage wäert méi drastesch nach an d'Luucht klamme wéi dat an deene leschte Méint de Fall war.

An dësen Zuele sinn d'Chômeuren, wat Frontaliere sinn, net mat dran, an hei sief just ernimmt datt am Joer 2000 an der Moyenne all Mount 846 Frontalieren entlooss gi sinn hei um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart oder an der Joresmoyenne 10.150.

De Käschtepunkt vum Chômage klëmmt selbstverständlech, well d'Zuel vun de Chômeuren an d'Luucht geet. Esou ass de Coût total vum Chômage vum Joer 2001 op 2002 vu 57,7 op 79,5 Milliounen Euro ugeklommen. Dat heescht mat engem zousätzlechen Uwuesse vun dem Chômage hei zu Lëtzebuerg gëtt och de Statsbudget zousätzlech belaascht.

Och musse mer eis, Här President, am Zesummenhang mam Chômage eng Kéier hei am Parlament - a mir wäerten als ADR do eng Initiativ ergräifen - mat dem parallellen Aarbechtsmaart, mat de Beschäftigungsmodeller, déi duerch d'Land organiséiert ginn, befaassen. Éischtens wat de finanzielle Volet ubelaangt, zweetens wat de wierkleche Rendement vun deene Beschäftegungsmoossnamen ass an drëttens awéiwäit d'Konkurrenz do vis-à-vis vum Handwierk an dem Bau spillt. Mir mengen, datt d'Parlament an deenen nächste Méint eng Kéier ganz seriö doriwwer diskutéiere muss a mir wäerte vun eiser Säit op jidde Fall doranner eng Initiativ ergräifen.

***(Interruption)***

Jo, mir wäerten eis awer nach vill méi intensiv domadder befaassen, well et ass villes dozou ze soen.

***(Interruptions)***

Wou misst d'Regierung eiser Meenung no dann elo reagéieren? Éischtens un de Konsumkäschten, zweetens um Niveau vun de Gemengefinanzen, drëttens um Niveau vun de Steieren a véiertens misst se d'Prioritéiten iwwerdenken.

Dëst ass keng Reiefolleg der Wichtegkeet no, si kënnen a musse matenee verwierklecht ginn. Am Verlaf vun dësen Debatte wäerte meng Fraktiounskolleegen nach op weider wichteg Punkten, déi eiser Meenung no wichteg si fir d'ekonomesch Situatioun hei am Land, zréckkommen.

Éischtens d'Konsumkäschten, d'Belaaschtung vum Statsbudget, Här President, mat den administrative Käschten, Gehälter a Pensiounen. Vu Réforme administrative ass keng Spur. Et besteet e kategoresche Refus vun der Regierung an dem zoustännege Minister oder

Statssekretär fir eng Réforme administrative duerchzezéien. Et ass en Hohn, datt dee Ministère ond nach Réforme administrative a sengem Titel dréit. Dës Regierung an dee Ministère ass eng Geisel vun der CGFP. Si ass gelähmt, ass net à même fir iwwerhaapt Usätz fir eng wierklech Réforme administrative duerchzezéien.

Eng Reform vun der Administration publique ass awer wichteg fir eis Fonction publique, well se ass jo nëmmen an der Öffentlechkeet akzeptabel, wa se an Zukunft fonctionnel a finanzéierbar bleift. Et gëtt kee Betrib op der Welt an och net hei am Land, och keng Klengbetriber a scho guer kee vu 16.000 Leit, deen net à même ass an net de Courage huet fir iwwerhaapt wëllen driwwer ze diskutéieren an eng Reform virzeleeën. Dës Regierung refuséiert fir déi Diskussioun do ze féieren an dréit och duerfir déi politesch Konsequenzen dovun.

De Käschtepunkt vun der Gehälterrevisioun fir de Budget 2002: 17,8 Milliounen Euro, fir de Budget 2003: 36,3 Milliounen Euro a fir de Budget 2004: 57 Milliounen Euro oder 2,3 Milliarde Lëtzebuerger Frang. Am Rapport vun der Kommissioun steet an de Konklusiounen: « La Commission estime donc que l'environnement économique actuel justifie la conclusion de cet accord, qui peut être qualifié comme étant un accord respectant les contraintes économiques du moment .» Dat war d'lescht Joer am Juli wéi mer dëse Projet gestëmmt hunn.

De Rapporteur vun deem Gesetzesprojet huet souguer gesot: „Wann et ekonomesch nach besser geet, da misst een och nach eng Kéier noverhandelen." Zwee Méint drop si mer gewuer ginn, dass déi ekonomesch Wirtschaftsdaten, déi hei genannt gi sinn, absolut net stëmmen, mä datt déi wäit drënner leien, mä d'Engagement war awer geholl. Wéi gesot, mir sinn eréischt am September 2002 gewuer ginn, datt mer 2001 nëmmen e Wirtschaftswuesstum hate vun 1%.

Den Här Statsminister gëtt awer net midd an huet och gëschter erëm hei vun der berühmter Rentemauer geschwat. Domadder sollen d'Leit aus dem Privatsecteur Angscht gemaach kréie virun der zukünfteger Finanzéierung vun hire Pensiounen. Mir géifen do an eng Rentemauer rennen. Den Här Statsminister, an dat war an der Press nozeliesen, war awer frou a glécklech iwwert den Accord salarial, deen an der Fonction publique ausgehandelt ginn ass. Do war keng Mauer. Do war kee Problem. Fir d'Reform vum Statut hu mer keng Käschteberechnung hei virgeluecht kritt. Och do war vu Regierungssäit an och vum Statsminister keng Reaktioun iwwert d'Finanzéierung ze erwaarden.

Den Accord salarial war och e falscht Signal vis-à-vis vum Privatsecteur. D'Betriber aus dem Privatsecteur stinn an direkter Konkurrenz mat der Fonction publique an hir Leit vergläichen hir Gehälter logescherweis mat deenen aus der Fonction publique, e Privatsecteur, deen awer net an deem Rhythmus an an där Héicht ka Léin bezuele wéi de Stat dat hei fir seng Leit virginn huet. Et ass awer normal, datt op där anerer Säit och d'Gewerkschaften aus dem Privatsecteur fir hir Leit dat beanspruchen, wat an dem öffentleche Secteur Normalitéit ginn ass, mä d'Fuerderungen am Privatsecteur kënne leider net erfëllt ginn, well de Privatsecteur sech eben esou Augmentatiounen net erlabe kann.

Duerch déi dote Politik, Här President, hëlt de Stat sech e gudden Deel vu sengem Spillraum fir Politiken ze maachen. Den Här Weiler huet dat virun enger Stonn gesot, net am Zesummenhang mam Accord salarial, mä hien huet awer gesot datt et d'nächst Joer géif ganz enk ginn an datt de Sputt fir Politiken ze maachen d'nächst Joer ganz kleng géif ginn. Dat ass genau dat, wat mir soen, wat d'Regierung duerch hir Politik an deene leschte Joren net gemaach huet. An dësem Punkt huet se eiser Meenung no komplett versot.

En zweete ganz wichtege Punkt fir d'Ekonomie a fir de Beschäftegungsmaart sinn eiser Meenung no d'Gemengefinanzen. An Däitschland ass eiser Meenung no de Feeler gemaach ginn, datt d'Gemenge finanziell ausgeblutt gi sinn, mat de Konsequenzen déi mer haut an den däitsche Gemenge kennen. Hei zu Lëtzebuerg geet d'Regierung lues awer sécher och an déi Richtung. 2004 sollen d'Gemenge 40% manner vum Impôt commercial vis-à-vis vun 2001 kréien. Wa mer an de Rapport vum Ministère de l'Intérieur kucke ginn, dann huet de Kont fir 2001 mat engem Impôt commercial vu 461 Milliounen Euro ofgeschloss a fir dee vun 2004 sinn 300 Milliounen Euro virgesinn. Dat ass e Verloscht vun 161 Milliounen Euro fir déi 118 Gemengen. Fir 2003 sinn et souguer 300 Milliounen, well do d'Recetten op 600 Milliounen am Impôt commercial estiméiert sinn.

Wa mer am Rapport vum Här Innenminister kucken, dass fir 2001 d'ordinaire Budgete fir déi 118 Gemengen zesumme mat engem Boni um Kont ofschléisse vun 311 Milliounen, am Budget rectifié 2002 mat engem Boni vun 232 Milliounen an am Budget 2003 mat engem Boni vun 191 Milliounen Euro, da wësse mer dass eleng duerch den Abroch vun dem Impôt commercial, an dorunner hänke jo och nach aner Recetten, de Gemengen hiren totalen Investitiounsspillraum geholl gëtt.

Net nëmmen datt de Boni an den ordinairë Budgete fir d'Investitioune feelt, neen, op dësem Boni konnten d'Gemengen och Emprunten ophuele fir zousätzlech ze investéieren. Den Investitiounsverloscht geet also wäit iwwert d'Zomm, déi den Abroch vum Impôt commercial ausmécht, eraus.

D'Konsequenzen dovunner wäerte sinn, datt d'Gemengen hir Investitiounspolitik ab 2004 wäerten zréckschrauwen, mat de Konsequenzen datt de Bau an d'Handwierk, also de Mëttelstand flächendeckend duerch d'ganzt Land an eng Kris fält, esou datt de Chômage an d'Luucht geet. Well d'Gemenge flächendeckend méi séier kéinten investéiere wéi de Stat, wier et onwahrscheinlech wichteg datt d'Gemengen zumindest zum Deel hir Finanzcapacitéit erhale kéinten.

D'Konsequenze fir de Wunnengsbau a fir d'Baupräisser sinn, wann d'Gemengen net Sue kréie fir d'Nofolgekäschten ze bezuelen, déi eng Augmentatioun vun der Populatioun mat sech bréngt, dass dann d'Gemengen dergéint si fir eng Ausdehnung vun hire Perimeteren ze maache fir Lotissementer an esou weider ze organiséieren, mat der Konsequenz datt nach méi Drock op de Wunnengsmaart kënnt, an datt d'Baupräisser, déi an deene leschte Méint a Joren dramatesch an d'Luucht gaange sinn a wou en normale Bierger hei am Land sech geschwë keng Bauplaz méi leeschte kann, nach vill méi héich an d'Luucht ginn.

D'Gemengen hu Scholde gemaach vun 1990 op d'Joer 2002 vun 255 Milliounen Euro op elo ronn 500 Milliounen. Dat heescht also an zéng Joer hunn d'Gemengen hir Scholde verduebelt. Am selwechten Zäitraum huet de Stat seng Schold op den 31. Dezember 2002 op 624 Milliounen Euro konnten ofbauen a Reserve vu 680 Milliounen Euro ugeluecht. D'Regierung muss an dësem Domän kuerzfristeg reagéieren, si muss net den integrale Verloscht ersetzen, mä et muss e Parallelismus tëschent de Recetten, der Entwécklung vun de Statsan de Gemengerecettë garantéiert bleiwen.

Wann d'Regierung net reagéiert ass se responsabel fir déi Konsequenzen, déi iwwert deen dote Wee eng Kris am Bausecteur, am Handwierk an am Mëttelstand provozéieren, déi de Chômage an d'Baupräisser weider wäerten an d'Luucht dreiwen. Bis elo huet d'Regierung sech mat kengem Wuert zu deem eiser Meenung no mat wichtegsten Thema geäussert.

D'Gemenge gi forcéiert, wann d'Regierung net reagéiert, Steieran Taxenerhéijungen ze maachen. Verschidde Gemengen, e gutt Beispill ass d'Stad Lëtzebuerg, hu schonn domadder ugefaangen, andeems drastesch Gemengenerhéijunge gemaach ginn. Och d'Gemeng Suessem huet Taxen- a Steierenerhéijunge gemaach. An engem Ruck goufe 55 Taxen a Steiere beienee gehéicht. A schonn ass och hei vu Majoritéitsdeputéierte viru Wochen am Parlament ugeklongen, et sollt een einfach higoen an d'Grondsteier drastesch erhéijen.

Dat wier eiser Meenung no steierpolitesch ongerecht am Zesummenhang mat der Steierreform. D'Steierreform vum 21. Dezember 2001 huet deene Leit, déi Steiere bezuelen oder zu deem Zäitpunkt bezuelt hunn, vill bruecht. Wat se méi verdéngt hunn, wat se méi Steiererliichterunge kritt hunn. Eng bestuete Koppel mat zwee Kanner, déi e Joresgehalt hat vu 85.000 Euro, huet eleng duerch d'Steierreduktioun vun 2001 op 2002 konnten 2.685 Euro spueren, dat sinn 108.000 Frang d'Joer. Dat ass eleng d'Differenz vun där enger Steierreduktioun. Do ass déi vun deem Joer virdrun nach net derbäi.

Leit mat mëttleren a klenge Revenuen hunn iwwert de Wee vun de Steiere kee Frang a keen Cent Ermässigung kritt. Abattementer si bekanntlech och ëmmer nëmme fir déi Leit, déi Steiere bezuelen. Kleng a mëttel Verdénger kënnen och net vun den Abattementer profitéieren. Duerfir proposéiere mir nach eng Kéier, datt ee sollt d'Negativsteier aféieren, fir de Stat käschtenneutral, iwwert de Wee vu Forfaiten, déi och un déi Leit ausbezuelt ginn, déi keng Steiere kréien. Well et si grad déi kleng a mëttel Verdénger, déi Geld brauchen an déi och d'Geld an d'national Ekonomie investéieren.

Wa mer elo higinn, datt de Stat de Gemenge kee Geld méi gëtt an d'Gemengen doduerch Steier- an Taxenerhéijunge maache mussen, dann treffen déi all Mënsch. Déi treffen och déi Leit, déi vum Stat senge Steierreduktiounen net profitéiere konnten, dat heescht déi kleng a mëttel Verdénger ginn da bei de Gemenge genausou staark belaascht wéi déi Leit, déi beim Stat iwwert d'Steierreform Erspuernisser kritt hunn. Et ass sozialpolitesch ongerecht, fir eng Ëmverdeelung vu Steierlaaschten iwwert dee Wee ze maachen.

Véiertens d'Prioritéiten iwwerdenken. D'Chamber huet an deene leschte Méint a Joren eng ganz Mass vu Projete gestëmmt a Milliardenhéichte vu Frangen, haut kann ee scho bal soe vun Euro. De 14. Mee hu mer d'Eisebunnsinfrastrukturen, e Projet vun 900 Milliounen Euro, oder 36 Milliarden aler Frang, gestëmmt. Dobäi ass nach de Projet Kierchbierg-Findel net derbäi, Käschtepunkt 300 bis 400 Milliounen Euro, den TGV-Uschloss an den Uschloss un d'Belsch. Dat mécht eleng zesumme fir d'Eisebunnsinfrastrukturen 1,25 Milliarden Euro oder 50 Milliarden aler Frang. Geld ass awer duerfir net do.

Den Transportminister huet dat och hei an den Debatten zouginn. D'Projete si gestëmmt, mä kee Mënsch weess wéini se kënnen aus finanzielle Grënn realiséiert ginn. Den Här Grethen huet och de 14. Mee, wéi een an dem Trierische Volksfreund am Zesummenhang mat der Autobunn-Maut, déi déi Däitsch den 1. September op LKW aféieren, liese konnt, Folgendes gesot: „Luxemburgs Wirtschaftsminister Henri Grethen hält dies zur Finanzierung der Verkehrswege im Großherzogtum kurzfristeg für nicht gegeben" - dat heescht d'Aféierung vun enger Maut - „aber der Staat wolle bis 2020 rund 2,2 Milliarden Euro in die Verkehrswege investieren. „Das Geld haben wir nicht. Vielleicht müssen wir uns im Trend ergeben und über eine Maut nachdenken", sagte Grethen bei einer Podiumsdiskussioun mit Stolpe bei der Deutschen Bank in Luxemburg."

Do dernieft, wa mer scho keng Suen hu fir déi Investitiounen, déi mer gestëmmt hunn an nach stëmme wëllen, eleng am Transportsecteur a Milliardenhéicht vu Frangen, hu mer Projeten iwwer Schoulen, Stroossen, Spideeler, Fleegeheimer, Kläranlagen, iwwert d'Cité judiciaire, de Pei-Musée, d'Rockhal an esou weider an de Projet Uni steet nach bevir. Eng Lëscht kéint ee bal soe fir de Kleeschen, mä et weess een ni wat de Kleeschen engem bréngt. Esou ass et och hei. Hei hu mer eng ganz Rëtsch vu Projete gestëmmt, mä kee weess wéini se realiséiert ginn, wéini datt mer dat Geld hunn.

Duerfir menge mer, datt een emol misst en Inventar vun all deem wat gestëmmt ginn ass maachen, mat den Nofolgekäschte vun deene Projeten. D'Regierung schwätzt ëmmer vu Reserven, an et ass och gutt datt mer Reserven hunn, awer mer hu vill méi Projete gestëmmt wéi mer Reserven hunn an duerfir musse mer d'Prioritéiten iwwerdenken, an ech si frou datt och vum CSV-Fraktiounspresident hei déi Iddi vun de Prioritéite komm ass.

Et ass wichteg, datt mer an deene leschte Joren an d'Kultur investéiert hunn. E Land soll, wann et him gutt geet, dovu profitéiere fir als Stat an d'Kultur ze investéieren. Mir hunn awer, menge mer, zu dësem Zäitpunkt bal genuch doranner investéiert: mat engem Musée Pei, dee vläicht eng Kéier fäerdeg gëtt, engem Statsmusée, der Coque, der Philharmonie um Kierchbierg, dem Stater Theater, wou de Stat och gehollef huet, dem Statsmusée, der Abtei Neimünster, der Rockhal an esou weider.

Als ADR proposéiere mir, datt mer d'Prioritéite sollten op den öffentlechen Transport leeën, op d'Gesondheetsinfrastrukturen, d'Spideeler, d'Fleegeheimer, op d'schoulesch Infrastrukturen an op Infrastrukture fir den Environnement, wéi Kläranlagen. Mir wäerten an deem Zesummenhang am Laf vun dëser Debatt eng Motioun deponéieren.

D'Diskussioun ëm de Rentendësch kënnt ëmmer erëm, se ass och erëm gëschter vum Statsminister ugeschnidde ginn, soss hätte mer dëst Joer kee Wuert doriwwer verluer. Duerfir muss een och dorobber reagéieren. Um Rentendësch hu mer fir 5,2 Milliarde Lëtzebuerger Frange Pensiounsaugmentatioune fir 110.000 Pensionnairen am Privatsecteur gestëmmt. Bezuelt ginn déi aus de Pensiounskeesen, dat heescht vun de Cotisatiounen, déi déi Leit an hirem Liewen, also selwer, finanzéiert hunn.

An der Moyenne sinn d'Pensiounen also ëm 3.925 ronn 4.000 Frang oder ëm 100 Euro erhéicht ginn. Den Accord salarial, dee mer d'lescht Joer gestëmmt hu fir 16.000 Fonctionnairen, kascht de Statsbudget vum nächste Joer un 2,3 Milliarden a gëtt vun der Allgemengheet finanzéiert an an der Moyenne ginn do d'Gehälter duerch dësen Accord salarial, wann e ganz a Kraaft ass, ëm 11.973 oder 12.000 Frang ronn 300 Euro de Mount erhéicht.

A well nach bal 40 Joer d'Pensiounen am öffentleche Secteur op d'lescht Gehalt berechent ginn, sinn automatesch déi zukünfteg Pensiounen ëm bal 10.000 Frang an der Moyenne, also ëm 250 Euro mat dësem Accord salarial mat erhéicht ginn. An der Moyenne huet den Accord salarial engem Fonctionnaire dräimol méi bruecht wéi de Rentendësch engem Pensionnaire aus dem Privatsecteur. Mä ëmmer erëm kënnt de Rentendësch an d'Diskussioun. All Frang, Här President, dee mer ausginn, ob am privaten oder am öffentleche Secteur, muss vun eiser Ekonomie erschafft ginn, net nëmmen déi vum Privatsecteur.

***(Interruptions)***

Jo, ech wier duerfir och frou gewiescht, Här Statsminister, wann Der Iech deen Ableck geäussert hätt, wéi mer déi zukünfteg Pensiounen iwwert den Accord salarial mat erhéicht hunn. Dee Moment hu mer awer näischt vun Iech héieren.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech hunn ëmmer vu Renten a Pensioune geschwat.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Au contraire, deen Dag nom Regierungsrot, wou den Accord salarial gestëmmt ginn ass, konnte mer am Lëtzebuerger Wort liesen, datt de Jean-Claude Juncker zefridde mat dem Accord war. Et huet ee keng Kritik héieren, datt deen Accord déi Répercussiounen op d'zukünfteg Pensiounen hätt wéi ech se elo grad hei genannt hunn, wat 2,5-mol méi ass fir d'zukünfteg Pensiounen an der Fonction publique wéi de Rentendësch bei de Pensiounen an der Moyenne de Rentner am Privatsecteur bruecht huet.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Duerfir schwätzen ech ëmmer vun de Renten a Pensiounen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, mä mir hätten och gäre gehat, dass Der vun enger Rentemauer geschwat hätt wéi Der dem Accord salarial d'Zoustëmmung ginn hutt, well dat kascht pro Kapp vill méi wéi d'Augmentatioun vun de Pensiounen am Privatsecteur.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Duerfir schwätzen ech ëmmer vun de Renten a Pensiounen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, mä Dir schwätzt awer nëmmen dovunner, wa mer vun de Pensiounen am Privatsecteur schwätzen, an Dir vergiesst ëmmer déi aner Säit. Mir hunn op jidde Fall näischt héieren.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Duerfir schwätzen ech ëmmer vu Renten a Pensiounen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, Dir kënnt dat nach zéngmol widderhuelen. Duerfir hutt Der awer näischt gesot an Dir hutt Iech net opgereegt...

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech weess, dass ech Iech dat kann dausendmol widderhuelen, well et gëtt...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et gëtt duerfir net méi richteg, Här Juncker, och wann Der et nach dausendmol widderholl hutt.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech liesen Iech an der nächster Zäit emol e klengen Intermezzo vir, dee mir zwee mateneen am Dezember 1989 oder 1990 haten.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat kënne mer maachen. Ech hunn där Intermezzoen och nach genuch do leien, déi mir zwee matenee gehalen hunn. Dat gëtt ganz lëschteg, wa mer eis dat een deem anere kënne virliesen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Jo.

***(Interruptions)***

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Den Här Statsminister huet och gëschter vu Renten a Pensioune geschwat.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ja, voilà!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Hien huet gesot: „Ech si frou, datt jiddfereen 2006 fir Renten- a Pensiounskorrekturen ausserhalb vun de klenge Rente bereet ass, wann ënnerduerchschnëttlech Wuesstumsspréng eis dozou forcéiere géifen."

Jiddfereen ass domadder d'accord. Ech ginn dovunner aus, datt den Här Statsminister och d'Konklusioune vum Rentendësch do gemengt huet, wou effektiv festgehale ginn ass, wa mer net dee Wuesstum kriten a mir géife riskéieren ënnert dee legale Minimum vun 1,5-mol d'Joresdépensen ze falen, datt mer eis da géifen zesummesetzen. Dat ass keng Neierung am Prinzip vum Rentendësch. Dat stung scho virdrun am Gesetz a mir kënnen eis erënneren, datt mir als ADR, nodeem d'Kolleege vun de Sozialiste vu Clignotanten um Rentendësch geschwat hunn, gesot hu mir wiere mat Clignotanten averstanen, mä Clignotantë fir de privaten an den öffentleche Secteur.

Du koum, Här Rippinger, eng formell Oppositioun, datt dat Wuert „Fonction publique" net däerft an deen Accord kommen. Den Här Rippinger gëtt dat och hei fairerweis zou, datt d'DP dergéint war, datt mer vu Clignotantë schwätzen, datt d'Fonction publique géif mat an den Text kommen. Dunn hu mir gesot, da si mir net mat Clignotanten averstanen, wa se exklusiv sollte fir de Privatsecteur sinn. Dunn ass dat Wuert Clignotanten erëm aus dem Text erausgeholl ginn an et ass dunn dat dra stoe komm, wat am Fong scho virdrun am Gesetz stong. Dofir, wann ee vu Renten a Pensioune schwätzt, muss ee wëssen datt zumindest eng Regierungspartei dergéint war, datt dat Wuert „Fonction publique" an dem Ofschlussdokument vun dem Rentendësch zréckbehale ginn ass.

Jiddefalls, wa gesot ginn ass „ausserhalb vun deene klenge Renten", ass et mer net Angscht datt Kierzungen am Privatsecteur virgeholl ginn, well wann ech d'Renten am Privatsecteur alleguer kucken, da gëtt et am Privatsecteur nëmme kleng Renten. Well wann et am Privatsecteur scho géif déck Rente ginn, da misst ee jo erëm froen, wéi een dann déi aner Pensioune géif nennen, déi jo ganz vill méi héich sinn.

Op jidde Fall kënne mir net dermat averstane sinn, a mir wäerten och 2006 net dermat averstane sinn, wann et e System géif ginn, datt am Privatsecteur d'Rente géife gekierzt ginn. Wa Rente musse gekierzt ginn, da setzt dat viraus datt mer fir d'éischt hei am Land emol Rentegerechtegkeet aféieren, dat heescht datt ee wéi deen anere seng Pensioun berechent kritt opgrond vun deem wat en am Liewe cotiséiert huet an net op d'lescht Gehalt. Et muss jiddfereen déiselwecht Cotisatioune bezuelen, wat elo de Fall ass, a wann déi Virausssetzunge geschafe sinn, da si mir bereet och am Privatsecteur, wann et noutwenneg wier, iwwer Upassungen an de Renten ze schwätzen. Wann dat net de Fall ass, si mir kategoresch dergéint datt iwwer Pensiounskierzunge fir de Privatsecteur diskutéiert gëtt. Et muss ee fir d'éischt se do maache wou et ubruecht ass, an dat ass net am Privatsecteur. Als Konklusioun: Mat eis geet dat op jidde Fall net.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Statsminister huet wéi ëmmer versicht d'Lag vum Land als gutt dohin ze stellen. Mir sinn déi Bescht. A wann et och méi schlecht géif goen, da si mer nach ëmmer besser wéi déi aner. Dat war dëst Joer esou. Dat war an der Vergaangenheet esou. De Statsminister huet wirtschaftleche Wuesstum ugekënnegt a wirtschaftleche Stëllstand ass Realitéit ginn. De Statsminister huet behaapt, mir wieren nach ëmmer déi Bescht, an a Wierklechkeet ware mer d'viregt Joer déi Schlechtsten am Wirtschaftswuesstum.

De Statsminister huet 2000 manner Chômage ugekënnegt, an a Wierklechkeet hate mer nach ni esou vill Chômage wéi mer es am Ableck hunn. De Statsminister huet dës Kéier geschwat vun däischtere Wolleken, an zu Lëtzebuerg géif et kriselen. An der Logik vu sengem wäitsichtege Bléck an der Vergaangenheet misste mer dann zur Konklusioun kommen, datt mer voll an der Kris dra sinn.

Dës Deklaratioun war keng Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun, mä vill méi eng Deklaratioun vun engem Regierungschef, dee mat alle Mëttele versicht iwwert den nächsten Datum vun de Chamberswahlen ewech ze kommen.

Här President, ech wollt nach eng Motioun déposéieren.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés, considérant*

*- que l'économie luxembourgeoise connaît depuis l'année 2001 une quasi-stagnation et que les prévisions de croissance ne laissent pas prévoir une reprise imminente et soutenue de l'activité économique;*

*- qu'une croissance des dépenses publiques au-delà de la croissance du PIB n'est pas soutenable;*

*- que de nombreux projets d'investissements de l'Etat votés ou en voie de procédure restent à financer partiellement ou totalement;*

*- que les coûts de fonctionnement parfois substantiels qu'entraînent ces nouvelles infrastructures sont inconnus ou estimés d'une façon superficielle et trop optimiste;*

*- que le Gouvernement doit fournir à la Chambre des renseignements exhaustifs et continus non seulement sur l'évolution des coûts de réalisation des divers projets d'investissements étatiques mais aussi sur les coûts de fonctionnement de ces projets;*

*- que l'évolution prévisible des finances publiques risque de compromettre voire de rendre illusoire la réalisation de certains projets d'investissements;*

*- que le Gouvernement doit arrêter l'ordre de priorité qu'il entend accorder à ces projets en fonction des possibilités budgétaires;*

*invite le Gouvernement à*

*- communiquer à la Chambre des Députés un inventaire exhaustif résumant les coûts des projets d'investissements étatiques votés et en cours d'exécution et pour ceux pour lesquels un projet de loi est déposé;*

*- indiquer pour ces projets les soldes à financer pour les projets en cours ainsi que les moyens et les modalités de financement des autres projets d'investissements;*

*- établir pour chacun de ces projets une estimation détaillée des coûts de fonctionnement;*

*- établir l'ordre de priorité qu'il entend accorder aux projets d'investissement votés mais n'étant pas encore en voie de réalisation ainsi qu'aux investissements projetés mais non encore votés.*

*(s.) Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

De Statsminister huet de leschte Weekend mam däitsche Kanzler verbruecht. Si hätte vill Gemeinsamkeeten, konnt een an der Press liesen. Dat stëmmt. Well genau wéi an Däitschland ginn och d'Lëtzebuerger eréischt no de Chamberwahlen den 13. Juli 2004 d'Wourecht iwwert d'Lag vum Land gewuer.

Ech soen Iech merci.

Des voix.- Très bien.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- En ass awer nach Kanzler, et ass alt dat.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här Gibéryen, Dir hutt mer e Cadeau hannerlooss, mä ech sinn net bestiechlech, duerfir ginn ech Iech en erëm.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat ass net meng.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dann ass et engem anere seng Auer.

Une voix.- Et ass dem Här Weiler seng. Nach schlëmmer!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Jo, nach schlëmmer.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här Bausch, während der Oktav brauch d'CSV keng Auer.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Et ass zwar eng schéi schwaarz Auer.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Black is beautiful.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Statsminister huet gëschter fir d'éischt de Bilan gezu vum ekonomesche Wuesstum tëschent 1996 an 2000, an duerno tëschent 2001 an 2003. En huet eng Feststellung gemaach, déi mer eigentlech och schonn am Kader vun de Budgesdebatten d'lescht Joer alleguerten hu misse maachen, nämlech datt d'Joren 1995 bis 2000 een exceptionnelle Wuesstum fir Lëtzebuerg kannt hu vun an der Moyenne ëm déi 7%, an datt vun 2001 un de Wuesstum abrupt ofgefall ass op 1,2%, op 1,1% fir 2002 a wahrscheinlech op 1 bis 1,5% fir 2003.

Et ass elo e grousse Sträit heibannen entbrannt - dee war iwwregens och d'lescht Joer schonn entbrannt -, inwiefern datt voraussehbar war, datt dee Wuesstum kéint esou brutal ofstierzen. An ech hunn dat och scho gesot am Kader vun de Budgetsdebatten, ech hunn et och scho gesot am Kader vun der Lag vun der Natioun d'lescht Joer, datt et vermesse wär vun egal wiem heibannen, wann e géing behaapten, datt dee brutalen Ofstieg vum Wuesstum viraussehbar gewiescht wär. Deen, deen dat fäerdegbréngt iergendwou an der Welt, dee soll sech direkt melle fir de Friddensnobelpräis an der Ekonomie. Deem, deen esou gutt Prognose ka maachen an esou schwierege Situatioune wéi déi heiten, ginn ech d'Garantie, datt deen e mat grousser Sécherheet kritt.

Ech hunn awer genee esou gesot, wann dee Wuesstumsabroch an deem Ausmooss net viraussehbar war, esou waren awer aner Saache viraussehbar. Ech hunn och gesot datt d'Regierung, wéi se déi Steierreform 2000 geplangt huet, net, wéi dat den Här Weiler erëm de Mëtteg hei versicht huet eis kloer ze maachen, dat gemaach huet à la lumière vun eben dem Fait, datt se géing wëssen datt an de Joren duerno esou e schwache Wuesstum géing kommen, mä datt déi Steierreform gemaach ginn ass fir grousszügeg ze verdeelen. An ech hunn och deemools gesot, datt mir fir eng Steierreform wären, mä datt een déi Steierreform hätt missen anescht ugoen. Et hätt e misse versichen um Hannergrond vun der Situatioun 2000 gewësse strukturell Elementer ze berücksichtegen, gewësse strukturell Schwächte vun eiser Ekonomie ze berücksichtegen a mat anzebauen. Dat ass vun dëser Regierung net gemaach ginn an dat ass ee vun deene Punkte wou dës Regierung staark versot huet a wou eng ganz Rei Nodeeler fir eis Ekonomie sech entre-temps bemierkbar maachen, op déi ech nach wäert ze schwätze kommen.

Mä et huet jo elo kee Wäert, datt mer nach eng Kéier déi nämlecht Debatt féiere wéi déi vum leschte Joer, et huet elo nëmme Sënn fir eng Debatt ze féiere fir an d'Zukunft ze kucken, well dat anert hu mer jo alles ausgetosch d'lescht Joer am Fréijoer an am Hierscht bei de Budgetsdebatten. Ech mengen effektiv, datt et elo e Sënn mécht driwwer ze diskutéieren, wéi mer kënnen eis Ekonomie, eise Stat, eist Land fit maachen, fir datt mer gewappnet si wann eng Reprise économique kënnt, wou mer jo alleguer hoffen, datt se gläich kënnt, fir datt mer dann och voll derbäi sinn, fir erëm op deen Niveau vu Wuesstum ze kommen, dee mer jo anscheinend an dësem Land brauchen, fir kënnen eng Rei Saachen an der Zukunft och nach ze finanzéieren.

Dir wësst alleguerten, datt am Kader vun der Debatt d'lescht Joer zum Etat de la Nation sech net, wéi dat oft hei behaapt ginn ass, de Gros gedréint huet ëm d'Debatt vun de 700.000 Awunner, mä de Gros huet sech gedréint ëm déi Fro, wéi vill Prozent Wuesstum brauche mer am Land, fir datt mer verschidde Saachen nach kënne finanzéieren. A wa mer dat diskutéieren, wat beinhalt dat, respektiv wéi musse mer dat steieren, datt mer net riskéieren e Land ze kréien, dat fir d'Zukunft a fir kommend Generatiounen net méi vivabel ass.

D'Stéchwuert ass gefall. Et geet ëm déi magesch Zuel vu 4%, déi och elo um Rentendësch an der Diskussioun stong. Wat musse mer elo maachen, fir datt mer erëm fit sinn, wann, wéi mer hoffen, Enn 2003 oder Ufank 2004 d'Konjunktur erëm unzitt, fir dann esou séier wéi méiglech kënnen op deen Niveau zréckzekommen.

Eiser Meenung no si sechs Punkte wichteg, iwwert déi ee muss diskutéieren, wann ee wëllt dat doten erreechen.

Éischte Punkt: Mir mussen eis eng konsequent Strategie gi fir eis Ekonomie ze diversifizéieren.

Zweete Punkt: Mir hunn eng ganz Rei zolidd Strukturdefiziter. Mir mussen déi esou séier wéi méiglech combléieren.

Drëtte Punkt ass, datt mer nach ëmmer eng ganz Rei administrativ Hemmnisser hunn, déi mer mussen esou schnell wéi méiglech iwwerwannen.

Véierte Punkt: Mir mussen oppassen datt deen Equiliber, dee mer de Moment an eise Sozialausgaben hunn, virun allem d'Belaaschtung fir d'Betriber, déi doraus resultéiert, um Niveau bleift wéi se elo ass, an dofir musse mer eis déi néideg Moyene ginn.

Fënnefte Punkt: Mir mussen déi verdeckte Käschten, déi eiser Ekonomie inherent sinn, erkennen. Mir musse se opzeechnen, d'Risiken dovunner ofschätzen an och d'Käschte fir déi zukünfteg Generatiounen.

Sechste Punkt: Mir mussen an Zukunft, wa mer iwwer eise PIB diskutéieren an iwwert d'Berechnung vun eisem PIB, eng aner Berechnung maachen, wéi mer dat an der Vergaangenheet gemaach hunn, well de PIB ass jo näischt anescht wéi e Versuch fir de Wuelstand vum Land ze errechnen an aner Donnéeë mat anzebauen.

Op déi sechs Punkte wëll ech am Spezifeschen am Ufank vu menger Interventioun agoen an och opweisen datt an enger ganzer Rei vun deene Punkte Versäumnisser bei dëser Regierung ze entdecke sinn.

Den éischte Punkt ass dee vun der Strategie, Strategie am Kader vun der Diversifizéierung vun eiser Ekonomie.

Et muss een ënnerscheeden tëschent deene ganz groussen an deene ganz klenge Fësch, déi ee fänke ka goen. An ech hunn dat gëschter schonn op enger anerer Plaz gesot, datt ech d'Regierung géing félicitéiere fir dee grousse Fang, dee se gemaach huet. AOL an AMAZON ass net egal wat, an et ass ganz kloer datt dat fir Lëtzebuerg, virun allem finanziell, de Moment wëllkomm ass, sief et och datt et wahrscheinlech kaum Répercussiounen huet fir den Aarbechtsmarché, mä et huet sécherlech eng ganz Rei zolidd Répercussiounen, wéi dat och gëschter zu Recht beschriwwe ginn ass, fir eise Statsbudget, an dat ass zemools de Moment sécherlech wëllkomm.

***(Interruption)***

Mä de Problem ass awer deen, Här Weiler, datt mer musse léieren, datt et niewent deene villen…

Här President, ech wär frou wann den Här Weiler an den Här Krecké muer, wou mer besser Zäit hunn, géingen hiren Intermezzo frësch ophuelen, an esou kéint ech meng 40 Minutten Zäit uerdentlech beasprochen.

M. le Président.- Ech sinn Ärer Meenung.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, mir mussen oppassen, datt mer niewent deenen décke Fësch, déi effektiv an de Gewässer doruechter schwammen, déi vill kleng Fësch net iwwersinn. Zemools ass dat wichteg, wann d'Waasser méi dréif gëtt, an dat mer kucken.

Wann hei gëschter beschriwwe ginn ass, datt et eng Rei däischter Wolleken um Himmel gëtt, dann ass de Risiko natierlech grouss, zemools wa mer elo an ee Wahljoer kommen, datt eng Regierung, an dat ass emol net e Reproche un dës, well all Regierung huet an hat déi Tendenz e bëssen an e blannen Aktivismus ze verfalen, an natierlech huet dës Regierung Intérêt drun esou séier wéi méiglech grouss Fësch virzeweisen am Kader vum Wahljoer 2004, fir natierlech eppes Opweises ze hunn an och e gewëssene Berouegungseffekt ze kréien an der Bevölkerung. Mä, wann dat awer dozou féiert datt mer déi vill kleng Fësch iwwersinn, dann ass dat mat Sécherheet net am Intérêt vun der Lëtzebuerger Ekonomie.

An der Diversifizéierungspolitik hei zu Lëtzebuerg musse mer Léieren zéien aus der Vergaangenheet, an d'Vergaangenheet huet gewisen datt mer et zwar fäerdeg bruecht hunn ëmmer erëm hei am Land, wann eng grouss Nisch bal zu 80% eis Ekonomie dominéiert huet - dat war fréier d'Stolindustrie, dat war duerno de Finanzsecteur -, wann déi méi schwach ginn ass, se ersat ginn ass duerch eng aner grouss, datt déi Strategie awer immens geféierlech ass, zemools haut an Zäite vun enger globaliséierter Ekonomie, an datt mer et musse fäerdeg bréngen eis Ekonomie méi an d'Breet ze diversifizéieren. A wann ech soen an d'Breet ze diversifizéieren, dann denken ech virun allem net ëmmer u grouss Fësch, mä éischter u Kleng- a Mëttelbetriber, an da sinn ech och der Meenung datt een innovativ Kleng- a Mëttelbetriber am Moment éischter an d'Groussregioun, respektiv an d'Europäesch Unioun siche geet, wéi onbedéngt an déi grouss Welt dobaussen.

An datt et Méiglechkeete gëtt, fir esou Betriber op Lëtzebuerg de Moment unzezéien, dat läit op der

Hand. A wann déi Steierreform, obscho mir verschidde Saachen anescht gemaach hätten, e Sënn sollt gehat hunn an deem Kontext, wou mer haut sinn, oder wann hei gesot gëtt, wat richteg ass, datt mer effektiv déi niddregste Lounniewekäschten an der Europäescher Unioun de Moment hunn, da musse mer et och fäerdeg bréngen déi Atouten an Europa, an der Groussregioun ze verkafen. Mer mussen et fäerdeg bréngen ons eng Marketingstrategie ze ginn, déi och mécht datt Entreprisen an der Groussregioun, an Europa, dat besser erkennen an op Lëtzebuerg kommen.

Am Moment hu mer eng Situatioun, wann ech d'Groussregioun eraushuelen, déi souwisou déi ass, spéitstens nodeem mer de gemeinsamen europäesche Marché hunn an d'Grenze gefall sinn ekonomesch, datt eis Lëtzebuerger Entreprisen an enger permanenter Konkurrenz souwisou si mat der Groussregioun. Mä firwat gi mer dann net hin a spillen eng ganz Rei Atouten, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, esou aus, datt mer et fäerdeg bréngе fir eng ganz Rei vun esou Entreprisen och hei an d'Land ze kréien, da profitéiere mer zu mindest steierlech dovun an och um Niveau vun de Sozialcotisatiounen, déi dann hei am Land bezuelt ginn an net entzwouch aneschters.

Ech mengen, et wär derwäert iwwer esou Strategien nozedenken, mä wann een dat wëll maachen, da muss een natierlech fir d'éischt och emol ufänken eng Analys ze maachen am Detail wéi eis Ekonomie ausgesäit, wou och typesch Lëtzebuerger strukturell Méiglechkeete bestinn, wou wat fir eng Secteuren typesch an d'Lëtzebuerger Ekonomie am beschte géingen erapassen.

Ech mengen datt de Moment déi Chancen, déi do hannendru stinn, awer vun dëser Regierung vill ze vill ignoréiert ginn, mä et ass awer dat wat kann dozou bäidroen, fir datt mer laangfristeg gesinn hei zu Lëtzebuerg en Tissu économique kréien, deen eis gewësse Garantië gëtt, well mir wëssen alleguerten, Firme wéi AOL oder AMAZON, déi kommen zwar elo op Lëtzebuerg, déi kënne mat Sécherheet fir Lëtzebuerg eng ganz Rei Jore wichteg Recettë fir d'Statskeess bréngen, mä déi ginn esou schnell wéi se heihinner komm sinn erëm fort, wa se iergendwou op der Welt eng nëmme minimal besser Konditioun gebuede kréien. Dat si positiv Elementer, mä dorobber kann een net laangfristeg eng Ekonomie opbauen.

Natierlech ass et och esou datt mer hei zu Lëtzebuerg Industrieaarbechtsplazen an Zukunft brauchen. Och mir als Gréng sinn net der Meenung, datt eng Ekonomie nëmme soll op en Déngschtleeschtungssecteur opbauen, mä niewent dem Aspekt, datt dat einfach gesot ass, soll ee sech awer net der Illusioun higinn, datt mer et wäerte fäerdeg bréngе fir an Zukunft nach grouss Industriesecteuren aus der Schwéierindustrie op Lëtzebuerg ze kréien. Mir wëssen alleguerten, datt d'Schwéierindustrie de Moment ganz kloer d'Tendenz huet op aner Plazen ze goe wéi an d'Europäesch Unioun, zumindest an déi 15 Länner vun der Europäescher Unioun, déi haut Member dra sinn, mä éischter ausserhalb ze goen aus deene gekannte Grënn, well d'Lounkäschten do vill méi niddreg sinn a well dat meeschtens Secteure sinn, déi vill méi aarbechtsintensiv sinn.

Doriwwer eraus gëtt et och en anert Argument firwat ee muss oppassen, datt et kee Wäert huet an déi dote Richtung ze goen, dat ass datt ee muss wëssen datt fir esou Entreprisen zu Lëtzebuerg iwwerhaapt keng Main-d'oeuvre méi ass, emol keng méi an der Groussregioun, an datt ee sech muss bewosst sinn, wann een dorobber setzt, da mécht een zwar vläicht eppes fir d'Cotisatioune vun der Sécurité sociale a fir eis Sécurité sociale ofzesécheren, mä et ass op där anerer Säit verbonne mat enorme Käschten, déi mer am Statsbudget mussen droen, well mer natierlech musse kucken iwwer nei Migratiounswelle Leit aus ëmmer méi wäite Regiounen op Lëtzebuerg ze kréien, mat alle Konsequenze fir eis Infrastrukturen, fir eis Gemengen. Ech mengen net, datt dat dee gëeegnete Wee ass, deen een an Zukunft soll goen.

Nei Secteuren. De Statsminister huet gëschter gesot Energie an Ëmweltberäich wäre sécher een dovunner. A wann dat stëmmt - an ech si frou datt de Wirtschaftsminister haut den Owend bei eis ass -, da muss ech awer soen, tëschent Theorie a Praxis bei dëser Regierung klafft awer e grousst - Lach, bal eng grouss Wonn kann een entre-temps soen, well wann ech héieren hu wat de Wirtschaftsminister ulässlech vum 75. Anniversaire vun der Cegedel gesot huet iwwert déi alternativ Energien, dann ass dat awer am grousse Widdersproch tëschent der Ried, déi gëschter hei gehale ginn ass, wou jo anscheinend am Numm vun der Regierung zwar gemengt gëtt Ëmwelttechnologien an den Energiesecteur am Speziellen, dat wär eng interessant Nisch fir Lëtzebuerg, wann een dann esou Aussoen mécht wéi déi, déi de Wirtschaftsminister beim 75. Anniversaire vun der Cegedel gemaach huet.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Wat hunn ech do gesot?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dir hutt a Fro gestallt, datt dat Zil vun deene 5,7%, wat iwwert de Regierungsrot via Gesetzesprojet an enger EU-Direktiv gutt geheescht a verankert ginn ass, datt dat tragbar wär, ëmsetzbar wär.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Ech hunn an där Ried gesot, datt mer am Moment eis voll Capacitéiten, alles wat méiglech ass duerch Waasserkraaft kënnen un Elektresch ze gewannen, ausgeschöpft hunn. Wat d'Wandmillen ugeet, kéint ee wuel vill Wandmillen opriichten, mä datt mer och do eise Potenzial ausgeschöpft hunn, datt mer nach just an der Biomass Potenzial hunn, mä datt à ce stade vun der Technologie et schwéier gëtt, compte tenu vun deem Konsum, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn, voire onméiglech ass déi 5,7% ze erreechen.

Méi hunn ech net gesot: Wann et Expäre gëtt, déi dat kënne falsch maachen, sinn ech ganz gäre bereet mech mat deenen un den Dësch ze setzen. Meng Expäre soe mer, datt dat Zil - a mir als Regierung si Leit déi d'Wouerecht soen, och wa se heiansdo net passt - am Moment net ze erreechen ass.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här Minister, et gëtt och nach den Aspekt - mäi Kolleeg Camile Gira huet mer et elo dertëschent gesot - vum Energie aspueren, deen och dozou gehéiert.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Dat ass eppes anescht. Mir schwätzen hei vun deene 5,7%.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Jo, mä da wëll ech awer soen zu deem Aspekt do, datt et zwouerlee Manéiere gëtt, wéi een esou eppes wéi dat dote ka soen. Dir huet d'Spezialitéit, an dat werfen ech Iech vir, datt Der, wann och ëmmer Dir iwwert déi dote Beräicher schwätzt, mat engem gewëssenen Ënnertoun driwwer schwätzt, e bëssen en Ënnertoun fir et, ech wëll net soe lächerlech ze maachen, mä wou een eraus spiert, datt Der selwer net richteg dru gleeft. An dat ass de Problem.

Ech sinn der Meenung, datt dat just de Géigendeel ass. Et ass sécherlech richteg, wat Dir elo beschriwwen hutt, mä wann een dat offensiv ugeet a wann een doriwwer aneschters diskutéiert, zemools bei esou enger Feier wéi där vun der Cegedel, an zukunftsweisend diskutéiert, da muss ee wëssen datt et jo net nëmmen drëm geet den Eegebedarf un Energie zu Lëtzebuerg ofzesécheren méiglechst héich iwwer alternativ Energien, mä da geet et och ëm Zukunftsindustrien, déi do hannendru stiechen. Et geet drëms fir ze kucken, datt een déi dote Secteuren op Lëtzebuerg unzitt, datt een am Solarberäich zum Beispill mat dozou bäidréit, datt Lëtzebuerg en Zentrum éischter gëtt fir an déi do Richtung weider ze forsche fir dee Secteur weider ze bréngen, an net esou defensiv ze diskutéiere wéi Dir dat maacht.

Bei anere Beräicher maacht Dir dat net. Ech hunn lech och schonn héiere fir aner ekonomesch Secteure schwätzen, do gitt Der vill méi offensiv a vill méi dynamesch dorun. Hei gitt Der éischter drun erun op eng ganz defensiv Aart a Weis, äusserst skeptesch an äusserst bedeckt, an dat ass ee Reproche deen ech lech maachen. A wann een dat esou gesäit, da kann een net hei, wéi gëschter an der Ried, kommen a soe mir hu Vertrauen dran, datt dat en zukünftege wichtege Secteur ka ginn, och ekonomesch gesi fir Lëtzebuerg.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Här President, den Här Bausch huet mer elo eigentlech e Luef ausgesprach, à l'encontre vun deem wat den Här Krecké éineschters hei vu mir behaapt huet.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech wëll mech elo net an Ären Zwist mam Här Krecké amëschen, ech begnüge mech elo emol mat deem wat ech hei gesot hunn.

Dann d'Strukturdefiziter. Et ass esou, datt entre-temps cocasserweis eng ganz Rei Institutioune wéi d'Chambre de Commerce, de Pabeier vun der FEDIL, hiweisen op de Retard accumulé en ce qui concerne les infrastructures au service de l'économie: transports, télécommunications, zones d'activité, gestion des déchets, formations initiales. Wann esou Institutioune wéi dat do soen, d'FEDIL ass jo über jeden Verdacht erhaben, datt se elo besonnesch gënschteg Avisë par rapport zu ekologesche Projeten am Allgemengen ofgëtt, wann déi op eemol ufänken hinzeweisen op strukturell Defiziter vun eiser Ekonomie a grad esou Secteure wéi am Transport zum Beispill, da muss ech soen, Här President, dann ass dat schonn d'Schold vun dëser Regierung, an dann ass dat schonn en Aspekt deen dës Regierung 1999 wosst, wéi se ugetratt ass.

An ech ginn esouguer méi wäit, wann ech den Transportsecteur huelen, bei allem Respekt fir déi Efforten déi gemaach gi sinn an deene leschte Méint bei deene ville Projeten a bei deene ville Milliarden, déi elo décidéiert gi sinn, datt eng Partei, nämlech d'Demokratesch Partei, an den 90er Joren éischter e Bremsklotz war an deem dote Beräich, wéi datt se gehollef huet. No 1999 huet se zwee Joer gebraucht, ier se sech fonnt huet, ier se, wéi een op gutt Lëtzebuergesch seet, d'Kéier kritt huet, dat natierlech dozou bäigedroen huet, datt mer dee Retard accumulé do kritt hunn. An da sinn dat sécherlech hausgemaachten Ursaachen, déi zu deene Strukturdefiziter do féiere wäerten.

Dat nämlecht kënnt een och soen, wann een an deem Kontext iwwer Raumplanung diskutéiert. Raumplanung a Verkéierspolitik hänken enk mateneen zesummen an dee ganze Projet IVL, un deem elo schonn iwwer Jore gedoktert gëtt, huet aus deene selwechte Grënn immens Retarde kritt.

A wa mer wëssen dass d'Zones d'activité an der Zukunft, oder d'Gestion des déchets zum Beispill, Stéchwuert Bauschutt, wou mer jo vill Konflikter am Land hunn, éischt Prémisse hätt misse sinn, datt mer eng Landesplanung hunn a Plans sectoriels, déi deen Numm verdéngen, an deementspriechend och Ëmsetzungskonzepter dofir, da wësse mer dass déi Defiziter do alleguerten hausgemaach sinn, an da wësse mer och dass déi Strukturdefiziter do alleguerte ganz kloer op d'Kap ze schreiwe si vun dëser Regierung, déi an deem dote Beräich sech immens schwéier gedoen huet a Lëtzebuerg Retarde bruecht huet.

Drëtte Punkt, Här President, administrativ Hemmnisser. Ech ka mech erënneren dass d'Demokratesch Partei, wéi se an der Oppositioun war, net midd ginn ass hei während Joren iwwert déi administrativ Hemmnisser, iwwer Vereinfachunge vun de Prozeduren ze schwätzen. Si ass souguer esou wäit gaangen, fir vun der Vereinfachung vun eisem Steiersystem ze schwätzen. Wann een awer haut géif doriwwer de Bilan zéien, da géing ech awer wäerte misse feststellen, dass och ënnert der Demokratescher Partei hirer Regierungsbedeelegung mer net ganz vill weiderkomm sinn an deem doten Dossier.

Zumools an engem Dossier, Här Wirtschaftsminister, si mer iwwerhaapt net weiderkomm, an dat ass en Dossier, wou Dir ëmmer speziell hei op der Tribün flamend Riede gehalen hutt, den Dossier Kommodo-Inkommodo-Prozedur. Mäi Kolleeg Camille Gira huet virun zwee Joer eng Interpellatioun gemaach zu deem Punkt…

***(Interruption)***

…ugefrot - pardon -, fir emol erauszefanne wou mer dann dru sinn. Dunn hu mer décidéiert, well keen et esou richteg weess, datt mer se géingen unhänken un dee Projet de loi, deen elo schonn zënter enger längerer Zäit iergendwou an der Chamber schlummert.

Wann et also esou alarmant war wéi Der selwer an der Oppositioun dat ëmmer beschriwwen hutt Enn der 90er Joren, da muss een lech hei awer méi wéi eng zolidd Datz ausschwätzen, well Dir wosst jo da scho souguer an der Oppositioun wéi alarméierend dass d'Situatioun war.

De Problem ass, dass Der wahrscheinlech erausfonnt hutt, wéi Dir d'Regierungsverantwortung iwwerholl hutt, datt et net esou ass wéi Dir ëmmer behaapt hutt an den 90er Joren, nämlech dass dat Gesetz do eng Schikan wär fir d'Ekonomie a fir d'Industrie, mä dass éischter d'Ausféierungsbestëmmunge vum Gesetz schlecht wären, a virun allem datt bei deenejéinegen, déi d'Ausféierungsbestëmmungen ëmsetze sollen, dat heescht de Ministère an esou weider, Problemer bestinn, an zwar dass dee Ministère deelweis ënnerbesat war.

All déi dote Saachen hu gemaach datt mer et bis haut net fäerdeg bruecht hunn do eng Rei Reformen anzeleeden. Dat gëtt entre-temps vun deenen nämlechten Instanzen, déi och deemools dat kritiséiert hunn, natierlech nach méi schaarf kritiséiert.

Och bei aneren Aspekter, déi zu der Vereinfachung vun de Prozedure gehéieren, wéi e Guichet unique zum Beispill oder eng besser Berodung vun öffentlecher Säit iwwer administrativ Prozeduren, fir haaptsächlech Kleng- a Mëttelbetriber ze hëllefen, si mer an de Kannerschong hänke bliwwen an dëser Legislaturperiod. A wann een dee leschten Avis gelies huet vun der Chambre des Métiers, en excellenten Avis zum Budget vum Joer 2003, da stoungen do eng ganz Rei Initiativen a Proposen an där Hinsicht dran, mä véier Joer laang ass net allze vill do geschitt, an dat ass och ganz kloer e Versäumnis vun dëser Regierung.

Véierte Punkt, Equiliber vun de Sozialausgaben an eisem Budget an d'Stéchwuert Lounniewekäschten. Mir hu jo elo hei héieren, datt eventuell, wann 2004 d'Ekonomie net géing unzéien, et 2006 zu engem Problem kéint kommen an dann déi berühmte Clignotantë géingen ugoen an een da misst iwwer verschidde Saachen diskutéieren am Kader vun eisem System vun der sozialer Sécherheet. Dat betrëfft wahrscheinlech, wann et esou geet, net nëmmen d'Pensiounen, mä och de Krankekeesesystem.

Mir hunn als Gréng ëmmer gesot, iwwregens och um Rentendësch, dass mer éischtens emol gären eng Etüd gemaach hätten. Et ass och dowéinst en Aarbechtsgrupp vum Minister vun der Sécurité sociale agesat ginn. Ech weess zwar net a wat fir engem Keller deen Aarbechtsgrupp entre-temps tagt, op jidde Fall bis elo hunn ech nach net vill vun em héieren. E wäert iergendwou um Späicher sëtzen oder wou och ëmmer, mä op alle Fall huet en an der Öffentlechkeet nach net vill vu sech héiere gedoen. Mä zënter dem Rentendësch, wou an de Schlusskonklusiounen dat doten dra stung, ass bis elo nach net vill passéiert.

Dat ass awer e wichtegen Aspekt, well an deem dote Pabeier wär et genau drëms gaange fir ze analyséiere wéi mer et fäerdeg bréngen no 2006, egal wat passéiert, e bessert Equiliber ze kréien an dem Finanzement vun eiser sozialer Sécherheet. Wann een op dee Wee higaange wär, dee mir och zënter Joren an dëser Chamber hei verlaangen an deen iwwregens och d'Regierung selwer an de Koalitiounsprogramm souguer geschriwwen hat, nämlech fir och eise Steiersystem ze ekologiséieren, also Ökosteieren anzeféieren, dann hätt ee sech Moyene ginn, wann deen Zäitpunkt 2006 dat antrëtt wat hei gëschter als Probabilitéit beschriwwe ginn ass, fir kënnen iwwer Ëmschichtungen dobäi ze kommen, datt een d'Lounniewekäschten niddreg hält. Dann hätt een zum Beispill dat kënnen, wat mir ëmmer dee sougenannten Ökobonus genannt hunn, deen do eraussprëngt, benotzen, fir zum Beispill bei der sozialer Sécherheet verschidde Saachen ze finanzéieren.

Véier Joer hu mer gebraucht fir ze analyséieren, véier Joer hu mer ronderëmgedoktert, et war eng Interpellatioun hei an der Chamber vu mir selwer, dat war am Januar 2002, dunn ass nach eng Kéier eng Motioun hei unanime ugeholl ginn, dunn ass versprach ginn, dass Dir fir den 1. Januar 2003 e Projet op den Dësch leet. Bis haut stellen ech näischt fest. Och dat ass e grousst Versäumnis vun dëser Regierung, wou ech mengen, wann 2006, wat ech net hoffen, Schwieregkeeten antrieden, mer frou wäre wa mer dat Instrument do hätten.

Fënnefte Punkt, verdeckte Käschten erkennen. Et ass esou dass de Statsminister gëschter zu Recht gesot huet, dass mer am Beräich vum Sozial-Etat net dierfen op Käschte vun der nächster Generatioun liewen. Mä wann dat fir de Sozial-Etat gëllt, da gëllt dat nach méi fir den Ëmweltberäich. Ech wëll nëmmen op ee Beispill hiweisen, wou mer entre-temps ukomm sinn.

Dir kënnt Iech jo nach alleguerten un dat schlëmmt Tankerongléck erënneren, wat mer elo kierzlech virun der galizescher Küst haten, mat verheerende Konsequenze fir den Ökosystem. Entre-temps ass et esou, et si Berechnunge gemaach ginn, wou festgestallt ginn ass datt dat Tankerongléck, wat laangfristeg fir den Ökosystem katastrophal Konsequenzen huet iwwer Generatiounen eraus, wahrscheinlech an deenen nächste Joren duerch d'Sanéierungsmesuren, déi

do musse geholl ginn, en extrem positiven Effekt huet fir eise PIB.

Dat heescht mir sinn an enger Situatioun, an net eréischt zënter gëschter, och net zënter deem doten Tankerongléck, mä zënter schonn enger Rei Jorzéngten, kann ee bal soen, zënter Ufank der 80er Jore mat Sécherheet, dass e groussen Deel vun eisem Wuesstum vun eisem PIB vu Reparaturaarbechten u Schied hirkënnt, déi an der Ëmwelt ugeriicht gi sinn.

Mir wëssen alleguerten, dass mer an där Logik net kënne weiderfueren. Éischtens ginn d'Käschten och do ëmmer méi héich. Mir wësse jo haut scho wéi vill e Kläranlageprogramm de Statsbudget kascht, an dat ass nëmmen e bescheidenen Undeel vun deem wat esou Katastrophen eis kaschte wéi déi zum Beispill, déi virun der galizescher Küst stattfonnt huet, well et muss jo een dat schlussendlech bezuelen. Et sinn zwar anerer, déi sech herno eng gëllen Nues doru verdéngen un der Sanéierung, mä et muss een dat bezuelen, an dat ass de Steierzueler. Dee bezilt dat gréisstendeels.

Dat geet voll op d'Käschte vun anere Saachen a verschiddene Statsbudgeten. Dat heescht mir kënnen net méi esou weiderfueren, well de Käschtepunkt ëmmer méi grouss gëtt. Donc, wann een an Zukunft driwwer diskutéiert, och iwwert d'Finanzpolitik hei zu Lëtzebuerg, da musse mer et endlech fäerdeg bréngen och d'Finanzpolitik ënnert dem Bléckwénkel vun der Ëmwelt ze gesinn. Da musse mer eigentlech dat maachen, wat schonn 1992 eng Kéier an enger excellenter Etüd, déi deemools vum Rapporteur René Kollwelter am Numm vun der Chamber an Optrag ginn ass beim ifo-Institut an Däitschland, an déi och mat hei diskutéiert ginn ass bei de Budgetsdebatten de 15. Dezember 1992.

Da musse mer dozou iwwergoen déi Saachen, déi do dra stungen, eescht ze huelen, dat heescht mir mussen eis Ausgaben an eis Recettë vum Statsbudget en fonction vun hirem Impakt op d'Ëmwelt analyséieren. Da musse mer zum Beispill emol kucken, wa mer iwwer Recetten am Statsbudget schwätzen, Stéchwuert Tanktourismus, wéi vill Dépensen déi Milliarden, déi mer vläicht op där enger Säit an de Statsbudget erakréien, op där anerer Säit erëm engendréieren.

Da wäerte mer wahrscheinlech feststellen, wa mer déi Analys do maachen, dass mer ënnert dem Stréch en negatiivt Geschäft do maachen. A wa mer dat esou emol géingen diskutéieren, wa mer déi doten Analys vun de Recetten an den Dépensë vum Statsbudget hätten, da géinge mer verschidde Motiounen, esou topesch Motioune wéi déi, déi mer d'lescht Woch hei eraginn hunn, wahrscheinlech guer net eraginn, well da géinge mer wëssen dass déi Motioun an där Aart a Weis, zumindest esou wéi se hei formuléiert war, absolut ridicule ass.

Mä dat ass bis elo net gemaach ginn an ech muss soen, Här Statsminister, Dir hutt deemools hei, de 15. Dezember 1992, zu där Etüd gesot, an ech zitéieren Iech: „Ech wëll soen, dass ech déi Etüd, déi d'Chamber an Optrag ginn huet, mat der gebuedener Opmierksamkeet gelies hunn, an dass ech net am Désaccord si mat ville Konklusiounen, déi an där Etüd figuréieren. Ech gehéieren zu deenen, déi doriwwer nodenke wëllen. An där Etüd si munch Hinweiser a Gedanken dran, déi een eescht huele muss an déi ee méi genau analyséiere muss." Dat war 1992. Ech ginn Iech gären zou, dass wann ee wëllt nodenken, da braucht een heiansdo e längeren Zäitraum, mä tëschent 1992 an 2003 leien eelef Joer.

Dir sidd soss éischter méi e viven an ech mengen dass Dir och hei bäi wäitem méi Nodenkzäit hat wéi Dir der eigentlech hätt missen hu fir déi dote Saache méi genau ze kucken an och méi mat ze considéréieren an der Diskussioun iwwert d'Finanzpolitik vu Lëtzebuerg. Mir sinn der Iwwerzeegung, dass wa mer dat doten net maachen, da wäert déi nächst Generatioun eng Kéier op gutt lëtzebuergesch gesot iwwer eis fluchen, well da liewe mir voll op Käschte vun der nächster Generatioun. Mir léien eis an d'Täsch vu moies bis owes, wa mer deen doten Aspekt net eescht huelen.

D'Finanzplaz Lëtzebuerg, Här President. Iwwert den Accord vu Feira wëll ech net vill Wierder verléieren. Mir hunn d'Regierung ëmmer doranner ënnerstëtzt, wat si do ausgehandelt huet. Ech wëll just eppes soen iwwert d'Diversifizéierung op eiser Finanzplaz. Ech si frou dass ech hei héieren hu vum Finanzminister, dass am Kontext vun den Zousazpensiounen, déi geschafe gi sinn iwwert déi nei Steierabattemente bei der Steierreform 2002, dat de Beweis wär, an ech zitéieren hien: „Dass och reng national Diversifizéierungsinstrumenter op der Finanzplaz hir Wierkung hätten."

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Dat ethescht Spuere kënnt.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Glift?

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Dat ethescht Spuere maache mer och.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Jo.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech wollt lech dat direkt soe fir lech ze berouegen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dat freet mech, dass Dir mech do anticipéiert, well genau dorobber wollt ech elo kommen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Voilà!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech sinn och frou dat hei héieren ze hunn an ech war och frou wéi Der deemools gesot hutt Dir hätt meng Proposition de loi als Usaz wichteg fonnt. Entre-temps hunn ech Iech nach e Pabeier nogeschéckt. Duerfir wär ech frou wa mer et géinge fäerdeg bréngen, zumindest an dëser Legislaturperiod, och wann et net méi zu der Gesetzgebung kënnt, zumindest an enger Form hei eng Décisioun ze huelen, datt mer op deen dote Wee ginn, well ech soen Iech, mir ënnerschätzen do en neie Créneau.

Mir ënnerschätzen en an duebler Hinsicht. Mir ënnerschätzen en, well et mat Sécherheet eng Nisch gëtt an Zukunft, och wa se de Moment nach kleng ass, fir d'Finanzplaz, mä mir ënnerschätzen och den Impakt fir d'Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg, well et schaaft eis Méiglechkeeten, wa mer deen dote Spuereffekt hei zu Lëtzebuerg kréien, an et gëtt zu Lëtzebuerg vill Leit, déi dozou bereet sinn.

Dat beweist schonn eleng dat Spuerbuch, wat de Moment hei zu Lëtzebuerg iwwert den Etika bei der Spuerkeess existéiert, obschonn ee jo guer näischt dovunner huet, well do huet ee jo éischter de Contraire. Déi Leit, déi do de Moment hir Suen ugeluecht hunn, déi opfere jo en Deel vun hire Suen. Dat heescht et beweist sech ganz kloer, dass hei zu Lëtzebuerg e Wëlle besteet fir och an deen dote Beräich spueren ze goen. An do maache mer och nei Méiglechkeeten op, wat d'Aarbechtsplazebeschafung zu Lëtzebuerg ubelaangt.

Deen zweete grousse Chantier, Här President, deen de Statsminister hei beschriwwen huet niewent dem ekonomeschen Aspekt, dat ass d'Sécherheet. Et ass verständlech, datt een dee beschreift, an dat ass, mengen ech, net nëmme geschitt aus elektorale Grënn. Mir musse feststellen, an dat fënnt een eraus duerch vill Etüden, déi ee liese kann, datt d'Bevölkerung iwwerall an Europa veronséchert ass, dass en Onsécherheetsgefill do ass bei de Leit. Menger Meenung no ass et zwar oft zu Onrecht do, oft sinn et Iwwerreaktiounen, mä wann dat Onsécherheetsgefill do ass, da muss een eppes dogéint maachen, da muss een dorobber zougoen, da muss een handelen. Dat ass ganz kloer.

Wat mech awer enttäuscht huet bei der Ried hei gëschter a wat ech och bemängelt hunn, muss ech soen, dat ass dass d'Behiewung vun der Kriminalitéit an d'Bekämpfung vun der Kriminalitéit just nëmmen op engem Niveau gesi ginn ass, nämlech um Niveau vun der Repressioun. Deen aneren Aspekt ass total ausgeklamert ginn.

Et gëtt menger Meenung no dräi Niveaue vu Kriminalitéit. Et gëtt déi kleng Kriminalitéit, et gëtt dat organiséiert Verbriechen an et gëtt den Terrorismus. Obschonn natierlech repressiv Moossnamen néideg sinn - dat bezweifelt kee Mënsch -, ass et esou dass, wann een nëmmen dorobber setzt, een de Kampf da mat honnertprozenteger Sécherheet verléiert. Dir braucht nëmmen a Frankräich ze kucken, wou mer do entre-temps ukomm sinn.

A Frankräich huet eng Regierung menger Meenung no zu Onrecht eng Wahl virun iwwert engem Joer gewonnen, well se haaptsächlech op déi schlëmmsten Aart a Weis polemiséiert huet mam Thema Onsécherheet, well se d'Bierger, déi veronséchert waren, nach méi veronséchert huet doduerch.

Si huet d'Wahle gewonnen, mä entre-temps stellt ee fest, dass all déi schlëmm repressiv Mesuren, déi se bis elo agefouert huet, kaum Wierkung gewisen hunn. Entre-temps stellen ech fest, dass déi nämlecht Regierung, déi virdrun déi Regierung vu virdru schärfstens kritiséiert huet, wa se versicht huet um preventiven Niveau eppes ze maachen, déi nämlecht Saache mécht, souguer méi wäit geet, a Saache mécht déi, wann déi Regierung vu virdru sech déi erlaabt hätt, se wierklech kuerz a kleng geriet gi wär.

Et ass kloer, et kann een de Kampf géint d'Kriminalitéit nëmme gewanne wann een d'Ursaachen erkennt an d'Ursaachen ugeet. Sécherheet ze garantéieren duerch Repressioun, dat ass en Aspekt dee wichteg ass, dat muss de Kader bidden, mä d'Ursaache bekämpft een nëmmen, wann ee se wierklech erkennt. An déi leien nun emol op der Hand, et si sozial Problemer.

Wann d'Aarbechtslosegkeet steigt, wa mer eng Gesellschaft kréie wou d'Verdeelung vum Räichtum an der Gesellschaft ëmmer méi ongläich gëtt, an dat ass e Fait, och entretemps an der Europäescher Unioun, vun de Vereenegte State guer net ze schwätzen, wéi do d'Verdeelung vum Räichtum entretemps ass, da brauch ee sech net ze wonnere wann d'Klengkriminalitéit steigt, an da brauch ee sech net ze wonnere wann d'organiséiert Verbriechen ufänkt ze steigen. Dann ass et evident, da probéieren déijeeneg, déi ausgegrenzt gi vum Wuelstand, op eng aner Aart a Weis awer um Wuelstand deelzehuelen an et bleift hinne jo dann näischt aneschters iwwreg wéi zur Kriminalitéit iwwerzegoen.

Wann een higeet an d'Leit ausgrenzt an eiser Gesellschaft, an ech schwätzen hei virun allem vun der kultureller Ausgrenzung, mir si jo voll an där Logik dran de Moment a verschiddenen europäesche Länner an iwwerhaapt weltwäit, vun de Vereenegte State guer net ze schwätzen, wat do fir eng Casse gemaach gëtt mat der kultureller Ausgrenzung, déi zum Deel do stattfënnt, da brauch ee sech net ze wonneren dass, wann een déi bedreift a wann een déi esou op d'Spëtzt dreift wéi dat de Moment gemaach gëtt, een effektiv eng Kriminalitéitsusteigung kritt, d'Kriminalitéit méi grouss gëtt, wann een de Jugendschutz, wann een Opfangstrukture fir Jugendlecher an den Encadrement fir Jugendlecher net eescht hëlt. An do hunn ech Zweifel, dass dës Regierung dat bis elo a leschter Instanz eescht geholl huet.

Mir hunn immens Mängel de Moment zu Lëtzebuerg am Jugendschutz. Hoffentlech kréie mer emol endlech an deenen nächste Wochen eng Bilansdiskussioun ze féieren iwwert déi dräi Joer Aarbecht vun der Kommissioun Jeunesse en détresse. Den Här Weiler hat déi an engem groussen Elan ageruff. Kréie mer déi Diskussioun eng Kéier ze féieren? Et gëtt villes ze soen iwwert de Jugendschutz, wou d'Mängel hei zu Lëtzebuerg sinn. Wa mer do net handelen, da brauche mer iwwert dee repressive Charakter net ze schwätzen, mä da misste mer éischter higoen an emol eng Kéier en Ageständnis maachen, dass mer et net fäerdeg bruecht hunn déi dote Saachen ze schafen an dass dowéinst d'Kriminalitéit kënnt, ier mer ufänken iwwer repressiv Saachen nozedenken.

D'Grousskriminalitéit an den Terrorismus. Et ass dach kloer, wann een déi sozial Déséquilibren, déi mir de Moment weltwäit kennen, wann d'Globaliséierung an deem Ausmooss ouni iergendee soziale Kader weidergedriwwe gëtt wéi dat haut de Fall ass, da brauch ee sech net ze wonnere wa Grousskriminalitéit a wann Terrorismus entsteet. Ech géing mer wënschen, dass mer wierklech niewent allen noutwendegen Diskussiounen, déi mer féieren, iwwer verschidde repressiv Elementer mer eis hei emol endlech géifen d'Wuert ginn am Kader vun alle politesche Parteien, dass mer déi zwee Voleten ëmmer mateneen diskutéiere géifen, well wa mer dat net maachen, da bréngе mer et just fäerdeg d'Leit méi ze veronsécheren a mir droen net dozou bäi dass mer e bessert Verständnis kréien ee fir deen aneren an dëser Gesellschaft.

Da kommen ech zu deem Punkt, deen och gëschter ugeschnidde ginn ass, den Encadrement vu Groussmanifestatiounen an zu der Arcelor. Natierlech ass et bedauerlech, wat do geschitt ass, dass Casseuren um Wierk waren, déi alles futti geschloen hunn an déi alles zerstéiert hunn, mä ech muss soen, ech refuséieren awer hei eng Diskussioun déi nëmmen drop erausleeft fir et dorobber ze reduzéieren.

Mir wësse jo awer, dass déi Casseuren do nëmmen agéiere konnten, well den Nährbuedem duerfir do ass. A wann ech weess, datt natierlech net wäit vun eis ewech an enger Regioun vu Léck Dausende vu Leit an de Ruin gedriwwe ginn, hir Existenz entzu kréien, da brauch ech mech net ze wonnere wann eng 20 Casseuren, déi et wahrscheinlech waren, oder och nach 30 - et ass mir och egal - en Nährbuedem fanne fir kënnen ze agéiere wéi dat hei de Fall war.

A wann een dann iwwer esou Saachen diskutéiert wéi iwwert déi Groussdemonstratioun, wou ee sécherlech ëmmer condamnéiere muss, wa Gewalt entsteet, da fannen ech dann ass ee sech schëlleg mindestens deen dote Volet och ëmmer niewendrun ze zitéieren, well soss féiert een eng falsch Diskussioun an deem Ganzen. Och dat féiert just dozou, datt dat, wat d'Leit als Onsécherheetsgefill hunn, sech éischter an eng falsch Richtung verstäerkt. Mir riskéiere vläicht, wa mer déi zwee Elementer getrennt vuneneen diskutéieren, eis kuerzfristeg iwwer eng repressiv Ofschottung ofzesécheren, mä laangfristeg kënne mer dee Match do net gewannen.

Op d'Reform vum Service de renseignement wëll ech haut net vill agoen. Ech si frou dass mer endlech dat Wierk do uginn. Dat ass jo och schonn eng laang an eng al Geschicht. Ech wëll och elo net hei en Accord oder en Désaccord ginn zu deene Proposen, déi gëschter vum Statsminister hei gemaach gi sinn. Et si sécherlech Elementer dran, déi an déi richteg Richtung ginn, mä mir wëllen eis definitiv eréischt dozou äussere wa mer genau den Text gesinn hunn, wa mer den Detail virun eis leien hunn. Mä mir si frou a mir hoffen, datt mir et fäerdeg bréngen déi dote Reform nach virum Enn vun der Legislaturperiod unzegoen.

En drëtte grousse Chantier, Här President, ass d'Biergerbedeelegung. Et ass esou datt wann een d'Biergerbedeelegung eescht huele wëllt, da gëtt et verschidden Etappen déi ee respektéiere muss an déi zu engem Ganze gehéieren. Eng éischt dovunner ass, datt een d'Leit emol sensibiliséieren a motivéiere muss an den Engagement vun de Leit an der Société civile encouragéiere muss. Et muss een och, an dat muss een dobäi soen, de Leit den Ëmgang léiere mat dem Engagement. Och dat ass net ëmmer evident, mä dat war jo och net ëmmer gewënscht an deene leschte Jorzéngten, dat muss een esou soen. Mäi Kolleeg Robert Garcia wäert muer a senger Interventioun nach op dee méi éducativë Volet agoen.

Dat zweet wat ee garantéiere muss, dat sinn d'Ausdrucksformen an der Gesellschaft, an déi si villfälteg. Déi sinn ënnerschiddlech an et ass esou dass wann een driwwer diskutéiere wëllt, iwwert déi Ausdrucksformen, da muss een och diskutéieren iwwert dat wat de Moment amgaangen ass ze passéiere ronderëm déi sougenannte Lex Greenpeace, well ech mengen datt dat eppes heimadder ze dinn huet.

Kee Mënsch heibanne bestreit, datt d'Handlungsfäegkeet vum Stat muss garantéiert sinn. All Mënsch heibannen ass där Meenung, mä mir sinn der fester Iwwerzeegung als Gréng, datt d'Strofrecht dat total onadequaatste Mëttel ass fir dat ze maachen. Ech gesinn net an firwat dass ee muss d'Handlungsfäegkeet vum Stat garantéieren, déi jo da soll dora bestoen, wéi de Premierminister dat gëschter hei beschriwwen huet - wat zwar, an dat muss een awer emol éierlechkeetshalwer soen, Här Statsminister, en äusserst demagogescht Beispill war - fir dem klenge Bäcker ze garantéieren, dass hie seng Bréidercher bake kann a fir eventuell do raumen ze loossen an een dofir am Strofrecht eppes zum Beispill maache muss, dass een dofir muss Prisongsstrofen drop maachen, wann ee friddlech blockéiere geet.

Wann ee sech do wëllt Moyene ginn, da gëtt et jo nach aner Gesetzer iwwert déi een eppes maache kann. Mir hunn haut schonn eng ganz Rei Gesetzer iwwert déi mer eppes maache kënnen. Ech wëll lech soen, dass ech mer natierlech bewosst sinn, datt et a verschiddene Gesetzer Onklorheete gëtt.

Da kommt mir änneren dach déi Gesetzer! Kommt mir ginn an d'Polizeigesetz eppes änneren! Kommt mir änneren eppes am Kader vun enger Refereesprozedur, déi een uwende kënnt wéi dat an anere Länner de Fall ass, déi eis dann d'Moyene gi fir a verschiddene Fäll ze agéieren, mä déi dann awer guer näischt mam Strofrecht ze dinn hunn, déi also net dozou féieren datt déi Leit, déi do friddlech demonstréieren, herno och nach zousätzlech Geldstrofe respektiv Prisongsstrofe riskéieren. Et kann dach net den Objektif si vun enger Regierung…

***(Interruption)***

Jo, Här Rippinger, dat ass awer de Wee.

***(Interruption)***

Här Rippinger, Dir sot eng Refereesprozedur géing laang daueren. Éischtens wëll ech Iech dozou soen, dann huet dat effektiv eppes mam Fonctionnement vu verschiddenen Instanzen ze dinn. Da muss mer kucken, dass déi besser fonctionnéieren, dass déi méi Leit kréien. Dir sot jo och soss net, wann e Gesetz an der Rei ass an d'Gesetz ass net uwendungsfäeg, well eng Institutioun ënnerbesat ass oder schlecht funktionéiert, dass d'Gesetz näischt ass. Da sot Der d'Institutioun funktionéiert net esou wéi se soll funktionéieren.

Ech mengen hei misst een dat och esou gesinn, mä dovun ofgesi mengen ech, datt an deene meeschte Fäll am Polizeigesetz eppes steet. Do gëtt et jo genuch Avisen entre-temps. Haut ënner anerem ass nach en Zousazavis komm, deen de Mouvement écologique beim Maître Spillmann ugefrot huet, deen och nach eng Kéier schreift, wat ee kéint maachen am Polizeigesetz. Wann een do liicht Ännerunge géif virhuelen - den Här Bodry hat dat an der Kommissioun schonn ugeschnidden -, dann hätt ee genuch Handlungsspillraum fir hei ze agéieren. Dofir si mer der Meenung, datt dat heiten de falsche Wee ass.

An Här Statsminister, ech wëll Iech soen, Dir gehéiert jo laut Ären eegene Wierder zum progressive Fligel vun de Chrëschtdemokraten. Dir hutt jo scho méi wéi eng Kéier gesot, datt Der anscheinend 1968 bei den Antivietnamdemonstratiounen ëmmer mat dobäi waart, och wahrscheinlech schonn emol an esou Aktioune mat dobäi waart déi Zäit, Aktioune wéi der haut ofgezu gi vu Greenpeace oder anere jugendlechen Organisatiounen. Da setzt Iech dach als Progressist an Ärer Regierung, an Ärer Partei duerch. Setzt Iech dach iwwer Äre konservative Fligel ewech a maacht eppes wat Kapp a Fouss huet.

***(Interruption)***

Si gesinn e bësse midd de Moment aus, setzt Iech iwwer se ewech a gitt op dee Wee, deen Är Jugendorganisatioun Iech virgeschriwwen huet. Déi hu jo e Communiqué gemaach virgëschter. Ech mengen, datt dat dee richtege Wee ass. Et ass iwwregens och deen, deen all déi aner an der Kommissioun proposéiert hunn.

Lauschtert op d'Jugend, lauschtert op Är eege Jugend. Är Jugend huet besser Iddië wéi de konservativen Deel vun Ärer Partei.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här Bausch, Dir hutt meng Ried gëschter héieren, steet do net eppes doriwwer dran?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech hunn Är Ried héieren. Wann dat wat an Ärer Ried steet an déi Richtung geet, déi ech beschriwwen hunn, ech mengen da gi mir eis eens.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- An der Ried steet d'Zilrichtung wär wichteg an doriwwer géife mer eis eens ginn. De Wee fanne mer.

***(Interruption)***

Ech kennen eenzelner heibannen net erëm. Guer net.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Fir ze testen, wouhin d'Zilrichtung geet, maachen ech ëmmer gären Neel mat Käpp, an ech hu mer och erlaabt an där Hisiicht eng Motioun ze maachen, déi déi doten Analys mécht an och Propose mécht fir an deem Sënn ze légiféréieren, wéi ech dat elo grad beschriwwen hunn, an déi wëll ech heimat déposéieren.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la liberté d'expression et le droit de manifestation sont des libertés fondamentales dont la défense est l'une des fonctions essentielles d'un Etat démocratique et respectueux des droits humains;*

*- considérant que l'Etat doit pouvoir garantir à chacun et chacune la liberté d'aller et de venir ainsi que l'inviolabilité de la propriété tant du domaine privé que public;*

*- considérant que l'Etat dispose déjà à l'heure actuelle de moyens légaux suffisants pour protéger les droits fondamentaux de propriété, à la liberté de mouvement, à la liberté individuelle et à l'inviolabilité du domicile: notamment l'action en responsabilité de droit commun devant les tribunaux civils de l'ordre judiciaire, la possibilité de saisir le juge des référés en cas de manifestation empiétant sur le droit d'autrui ainsi que l'article 58 de la loi communale du 13 décembre 1988, telle qu'elle a été modifiée qui permet aux bourgmestre et échevins de réagir dans l'urgence;*

*- considérant que, faute de ressources, certains de ces moyens sont réputés difficilement utilisables;*

*- considérant qu'une loi répressive introduisant des sanctions pénales ne constitue en aucun cas un moyen approprié pour garantir la protection des droits fondamentaux de propriété, à la liberté de mouvement, à la liberté individuelle et à l'inviolabilité du domicile;*

*- considérant que le projet de loi 5076 érige en crime la participation à toutes sortes d'actions et de manifestations pacifiques, y inclus à des actions syndicales;*

*invite le Gouvernement*

*- à retirer le projet de loi 5076 „garantissant l'usage paisible du droit de propriété et la liberté de mouvement et portant introduction d'un nouvel article 442-1 au code pénal";*

*- à se donner les moyens nécessaires pour appliquer, si besoin il y a, les moyens légaux existants permettant de garantir la protection des droits fondamentaux de propriété, à la liberté de mouvement, à la liberté individuelle et à l'inviolabilité du domicile sans pour autant criminaliser les personnes participant à des actions ou manifestations pacifiques.*

*(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Här President, wann een iwwer Ausdrucksforme schwätzt - fir zréck ze kommen zum Referendum -, da muss ee sech natierlech och bewosst sinn, datt wa mer de Referendum aféieren, egal a wat fir enger Form, datt mer och mussen d'Ausdrucksforme vun de Bierger, déi ee muss hu ronderëm esou ee Referendum, mindestens minimal gläich stellen.

Mir wëssen alleguerten, datt wann een e Referendum duerchzitt an et léisst een einfach d'Gesellschaft sech iwwerlooss wéi se haut ass, da wäert et esou sinn datt déi wirtschaftlech Lobbyen, déi finanzkräfteg sinn, genuch Moyene wäerten hu fir sech hir Meenungsmacher anzekafen op deene verschiddenste Plazen.

An ech wëll Iech soen, et gëtt Länner wou de Referendum populär gëtt. D'Schwäiz ass eent dovun. Do ginn der en masse duerchgezu. Mä déi gi meeschtens ëmmer en faveur vun deenen aus, vun deenen ech elo grad geschwat hunn, ebe well an der Schwäiz déi dote Moyenen net ëmmer garantéiert ginn. Dofir, wa mer doriwwer diskutéieren - mir si fir de Referendum als Gréng, ganz kloer fir de Referendum -, da musse mer eis bewosst sinn, de Referendum ass ëmmer nëmmen en Endinstrument. All déi aner Instrumenter musse mat wierken, fir datt de Referendum an engem Sënn funktionéiert, datt et en demokrateschen Diskussiounsprozess gëtt, datt herno d'Resultat vum Referendum wierklech d'Resultat ass vun engem demokrateschen Diskussiounsprozess.

Zu der Aarbechtslosegkeet, Här President, wëll ech e puer Wuert nach soen. Et ass gëschter hei driwwer geschwat ginn, datt mer an enger Situatioun wären, datt de Chômage géif steigen - a mir haten déi Geleeënheet och schonn am Kader vun der Heure d'actualité elo kierzlech -, mä mer awer éischter ee Chômage frictionnel hätten an net onbedéngt e Chômage conjoncturel. Ech muss awer soen, Här President, datt d'Grenzen oft awer fléissend si vun deem engen zu deem aneren, an ech hu meng Zweifel, ob virun allem déi lescht Méint mer net och amgaange sinn e Chômage conjoncturel ze kréien.

Et muss ee gesinn, ech mag mech ieren, mä zumindest no deem wat een héiert, datt fir normal duerchschnëttslëtzebuerger Familljen, wou d'Kanner vun enger Universitéit oder vun der Schoul kommen, et laang net méi esou einfach ass, wéi dat nach virun engem Joer war, fir Aarbechtsplazen ze fannen.

An ech hunn de Verdacht, datt mer entre-temps zum Deel schonn an e konjunkturelle Chômage ofgerutscht sinn, a mir mussen och dofir nach méi wéi jee iwwert d'Educatioun och am Zesummenhang mam Chômage diskutéieren. Mäi Kolleeg Robert Garcia wäert muer a senger Interventioun nach e puer Saachen doriwwer soen.

***(Interruption)***

Ech bréngen Iech d'Grujele bäi den Owend fir muer de Moien.

Ofschléissend, Här President, wëll ech just nach zwee Sätz soen zu Europa. Mir deelen natierlech d'Analys, datt an der gemeinsamer Sécherheets- an Aussepolitik an Europa den Défi, dee sech do hannendru verstoppt, mindestens esou grouss ass wéi deen, dee sech hannendru verstoppt huet bei der Schafung vun der Währungsunioun.

Ech sinn och frou gëschter hei héieren ze hunn, datt zumindest fir d'Lëtzebuerger Regierung dat net bedeit, datt mer, wéi de Statsminister gëschter gesot huet, e militäresche Muskelprotz musse ginn, datt et ganz kloer soll esou sinn datt dee Rüstungsaspekt, dee militäreschen Aspekt soll an dat agedämmt ginn, wat wierklech noutwenneg ass. An ech mengen och, datt esou laang wéi hei an Europa mer festhalen un deem Sozialstatsmodell, dee mer haut hunn, och gewësse Garantië besti fir dat ze behalen, mä datt dee Sozialstatsmodell gerett ass, dat steet awer op engem anere Blat, an dofir mengen ech datt et eng ganz kloer Interaktioun tëschent deenen zwou Saache gëtt.

Ech wëll nach just ee Wuert soen zu där ominöser Partnerschaft mat den USA. Och wann ech natierlech der Meenung sinn, datt d'Europäesch Unioun an engem Partnerschaftsverhältnis mat den USA muss schaffen - an dat muss een awer däitlech als Konklusioun zéien -, dann ass et an der Zwëschenzäit duerch déi Irakkris esou, datt d'Partnerschaft net méi existéiert, datt et de Moment éischter eng Situatioun ass vun Dominant an Dominé, an datt natierlech bei deenen Efforten, déi gemaach musse gi fir datt Europa sech och an der Aussen- a Sécherheetspolitik eegestänneg mécht, sech do hannendrun och verstoppt, datt dat Partnerschaftsverhältnis erëm hiergestallt gëtt, nämlech datt Europa op een Niveau erëm kënnt mat de Vereenegte Staten, well nëmmen dann ass dat Partnerschaftsverhältnis méiglech.

Här President, ech kommen zum Schluss. Mir sinn um Enn vun der Legislaturperiod vun der CSV-DP-Regierung vun 1999. Dat war eng Zwangsehe, dat wësse mer alleguerten. De Jean-Claude Juncker, dee wollt dës Regierung net, dee wollt dës Koalitioun net. Dat konnt ee feststellen, Här President, duerch déi laang Koalitionsverhandlungen, déi stattfonnt hunn. Dat konnt ee feststellen, Här President, duerch déi laang Ulafzäit déi dës Regierung gebraucht huet.

Et ass ganz kloer, e groussen Deel vun de strukturellen Defiziter hu sech verschäerft a verschlechtert, well dës zwou Parteien net zesumme gepasst hunn an och net wollten zesumme passen.

Et ass och ganz kloer, Här President, datt no deenen éischten zwee Joer, wou dann um Enn vun deem zweete Joer, nämlech am Joer 2000, haaptsächlech dat grousst Geldverdeelen iwwert d'Divergenzen, déi bestanen hunn tëschent deenen zwou Parteien, ewech getäuscht huet, an eigentlech d'Rettung vun dëser Majoritéit de Konjunkturabroch war. Well mir wëssen et, eng Koppel, déi hält am beschten zesummen, wann et hir finanziell schlecht geet, wa schwéier Zäite sinn. Dës Regierung, déi charaktériséiert dat ganz besonnesch staark, an et ass och dofir net vun ongeféier, datt dëst Joer, dat véiert gemeinsaamt Regierungsjoer, eréischt dat éischt Joer ass, wou de Premier eng eigentlech Liebeserklärung un de Partner DP gemaach huet. Véier Joer huet d'DP missen drop waarden, huet missen drop hechelen, fir déi ze kréien. Dëst Joer hu se se kritt. Mä ech mengen éischter, datt déi Liebeserklärung net gemaach ginn ass, well de Premier onbedéngt 2004 wëllt dës Koalitioun weiderféieren, mä éischter aus der Nout eraus geschitt ass.

Fakt ass, Här President, dës Koalitioun huet vun Ufank un net zesumme gepasst, a si passt och haut net zesummen, an eng ganz Rei Feelentwécklungen hunn och domat ze dinn.

Här President, mir sinn als Gréng net der Meenung, datt dës Regierung näischt gemaach huet, mir sinn och net der Meenung, datt se alles falsch gemaach huet, mir sinn awer der Meenung, datt se villes hätt kënne besser maachen, an dofir hoffe mir, datt 2004 d'Wieler dofir suergen, datt villes an dësem Land besser gëtt.

Här President, ech wollt nach eng weider Motioun déposéieren.

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant le souci exprimé par le Premier ministre dans sa déclaration sur l'état de la nation de ne pas gager par notre mode de vie la qualité de vie et les opportunités des générations futures;*

*- considérant que cette responsabilité nous engage non seulement au niveau économique mais également au niveau du capital humain ainsi que celui des ressources naturelles;*

*- considérant l'importance d'une gestion prévoyante des différentes ressources - naturelles, humaines et économiques - du pays, en vue de garantir une qualité de vie et des opportunités de développement maximales aux générations futures;*

*- considérant les multiples effets directs et indirects du développement et de l'activité économique sur les ressources du pays;*

*invite le Gouvernement*

*- à prendre en considération et à évaluer les effets des différentes composantes du budget annuel des recettes et dépenses de l'Etat sur les ressources naturelles et humaines du pays;*

*- à reconsidérer l'opportunité des différentes composantes de la politique financière à la lumière des coûts engendrés par celles-ci;*

*- à établir - à l'instar du Canada - un système d'évaluation du développement économique incluant tant les données économiques, qu'écologiques et sociales;*

*- à intégrer les coûts environnementaux dans l'établissement du produit intérieur brut.*

*(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Moien a fänkt um néng Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.14 heures)***

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

## Ordre du jour

Débat sur l'état de la nation (suite)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, M. Michel Wolter, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Charles Goerens et François Biltgen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 9.01 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall. Da fuere mer weider mat eiser Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun. Als éischte Riedner vun haut de Moien ass den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

## Débat sur l'état de la nation (suite)

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt Lëtzebuerg nach esou leeft wéi et leeft verdanke mer eise Statsfinanzen. Datt eis Wirtschaft konkurrenzfäeg an ausbaufäeg bliwwen ass, obwuel mer eis an enger kräfteger internationaler Konjunkturdell befannen, ass net zulescht drop zréckzeféieren, datt mer d'steierlecht Ëmfeld mat Zäit no ënne revidéiert hunn an domat d'Investissementer zu Lëtzebuerg méi attraktiv gemaach hunn. Datt Secteure wéi d'Baubranche zwar haut keimen, awer nach keen Häerzschlag kréien, an domat all hir Zouliwwerbranchë mat an der Riicht gehale kënne ginn, läit virun allem un deem onvergläichbare Volume vun den öffentlechen Investissementer.

Dës Constaten zesumme beleeën, datt stabil a gesond Statsfinanzen d'Grondlag vun all kriseresistenter politescher an ekonomescher Handlungsfäegkeet sinn. Gesond an zolidd Statsfinanzen ergi sech net vum selwen. Mat Zoufallstreffer séchert ee se net, mat zillose Begléckungsausgaben a gudden Zäite stellt ee se a Fro. Fir d'Statsfinanzen am Lot ze halen, an domat d'Bunn fräi ze behale fir zukunftsorientéiert Politikgestaltung, muss ee grad dann, wann d'Keesse voll sinn, Reserven uleeën, Reserven déi laang net ëmmer gutt ukomme bei der Populatioun, bei eiser Bevölkerung, well den Androck entsteet, de Stat géif an de Sue schwammen an aus Expressegkeet op sengem Spuerbuch sëtze bleiwen.

Villes huet d'Finanzpolitik vun dëser Regierung sech mussen an hiren éischte Jore gefale loossen. D'Oppositioun ass net midd ginn ëmmer méi maximal Fuerderungen ze stellen, Fuerderungen déi, wa se erfëllt gi wären, haut sécherlech Lächer vu beängstegenden Dimensiounen an de Statsbudget geschloen hätten. Mä si sinn net erfëllt ginn, ob jidde Fall net iwwer ee verstännegt Mooss eraus. Dofir kënne mer haut zu Lëtzebuerg politesch zukunftsorientéiert handelen, während a villen aneren europäesche Länner just nach, erlaabt mer den Term, reaktiivt Krisemanagement bedriwwe gëtt.

E puer Fakten an Zuele beleeën androcksvoll deen aussergewéinlechen Zoustand vun eise Statsfinanzen. Mir hunn zum Beispill am Joer 2003 eng Investitiounsquot vum PIB, vum Bruttoinlandprodukt, déi méi héich ass wéi déi vun der gesamter Statsschold. Dat gëtt et quasi soss néierens. Iwwer 3% vum nationale Räichtum ginn zu öffentlechen Investissementer ëmfunktionéiert. Parallell dozou ass eis Statsschold dobäi op ënner 3% ze falen. Dësen Ëmstand ka sech sécher änneren an e wäert sech och eng Kéier änneren, an et ass och keen normale Verglach, deen ech hei tëschent zwou Zuele maache wëll, mä dëst soll duerstellen a wat fir Gewässer eist Flooss sech beweegt, wann a ville Länner ronderëm schonn de Budgetsdefizit grad esou vill oder méi ausmécht wéi bei eis d'Statsschold.

Mir schléissen e Budgetsexercice 2002, entgéint ville Viraussoen, déi och nach laang net ëmmer völleg désinteresséiert waren, mat engem Iwwerschoss vu gutt 60 Milliounen Euro of. D'Previsioune fir de Moment loossen drop schléissen, datt mer 2003 esou exekutéiert kréien, wéi mer dat hei an der Chamber gestëmmt hunn. Et entsti keng nei Lächer, eis Flanke si gedeckt a si ginn duerch d'Erfolleger vun der wirtschaftlecher Unzéiungspolitik weider verstäerkt.

Déi Zuelen, déi mer hunn, beweisen de Succès vun der Finanz- a Budgetspolitik vun deene leschte Joren. Mä mir kënnen eis net op de vergaangene Lorbeeren ausrouen, wann déi wieleg ginn, da leie mer um plakege Buedem.

De Statsminister huet och scho gesot, fir gesond ze bleiwen, musse mer eis weider ustrengen. Mir mussen eis ustrengen, fir nei Finanzquelle fir de Stat ze erschléissen, mä mir mussen och de Courage hu fir mat eise gängegen Ausgabe méi kritesch an d'Gebiet ze goen. Besëtzstandsdenken a konzeptuellen Immobilismus sinn haut an hei fehl op der Plaz. De Lëtzebuerger Statsbudget erlaabt et eise Bierger ouni grouss Bedenke Leeschtungen ze genéissen, déi op Dauer riskéieren a keen nohaltege Finanzéierungskonzept méi eran ze passen. Et ass also erfuerderlech, datt mer eis iwwer Prioritéiten ënnerhalen, wa mer déi gesamt Leeschtungsfäegkeet vum Stat zu Gonschte vun den nächste Generatiounen net wëllen dem ongehemmte Leeschtungsbedürfnis vun der aktueller Generatioun afferen.

Här President, d'Debatten zur Lag vun der Natioun waren ëmmer als en Exercice geduecht mat deem d'Parlament der Regierung wollt seng Ureegungen a Recommandatiounen zur Budgetspolitik a méi speziell zur Ausriichtung vun deem nächste Budget mat op de Wee ginn. An där Perspektiv wëll ech och elo e puer Iwwerleeungen ustellen zu Beräicher, an deene mer d'Budgetsentwécklung mussen am Grëff behalen, wann déi positiv Betruechtung vun de Statsfinanzen, déi mer haut kënne maachen, soll nach en Dauerzoustand bleiwen.

Wa mer wëllen als Vollekswirtschaft kompetitiv bleiwen, da musse mer eis Standuertvirdeeler erhalen. Dat ass eng conditio sine qua non vum bleiwende Standuerterfolleg. Zu dëse Virdeeler gehéieren un éischter Front d'Steierlandschaft an natierlech och d'Lounkäschten. An zu de Lounkäschte gehéieren natierlech déi sozial Cotisatiounen. De Leeschtungsniveau vun de Sozialkeessen zu Lëtzebuerg ass héich, jo, ech géif soen, ganz héich, mä d'Fro muss erlaabt sinn, ob dat wat dës Héicht ausmécht sech och laangfristeg erhale léisst. Ech diskutéieren elo hei net d'Héicht vun de Prestatiounen u sech, mä ech diskutéieren d'Konzept hannendrun.

Wa mer ëm d'Pensiounen emol en Tour maachen, hir Evaluatioun ass souwisou virgesinn, an d'Reserve vun de Pensiounskeessen dränge keng immediat Zukunftsfäegkeetsiwwerliewungen op, woubäi ech awer immediat muss onbedéngt betounen, da bleift dass d'Krankeversécherung sech net op enger Trajectoire befënnt, déi hir dauerhaft Gesondheet géif assuréieren. De Stat cotiséiert niewent de Leit an de Betriber iwwer véier honnert Milliounen Euro an dës Versécherung. Dat si bal 7% vun de Statsausgaben am Joer 2003. An et ass och kee Geheimnis, dass sech an de leschte Joren an der UCM-Keess blank Biedem gewisen hunn, esou dass eng Iwwerleeung iwwert d'Aart a Weis, wéi mer mat de Krankekeessen ëmginn, a wat mer en zoumudden, net vu Muttwëll ass.

Ech wëll hei zwee Beispiller ginn aus der Realitéit vun der Gesondheet, déi weise wéi déi Dossiere configuréiert sinn. Wann zum Beispill hei zu Lëtzebuerg e Lëtzebuerger Mënsch eng banal Erkältung huet, an da mengt e misst bei den Dokter goen, fir dann do e Pak Aspro, Aspégic oder Sedergine verschriwwen ze kréien, dann ass dëst e ganz normale Virgank, och wann dee Betreffende genau weess, dass e just eng banal Gripp huet, well wahrscheinlech ass et jo net seng éischt, an och genau weess, dass en an der Apdikt fir e puer Euro säi Pak Sedergine oder Aspégic géif kréien, ouni d'Interventioun vum Dokter oder vun der Krankekeess.

***(Interruption)***

Eng banal Erkältung kennt ee ganz gutt erëm, dat ass guer kee Problem, gleeft mir dat. Dir hat och scho méi wéi eng. Mat e bësse Chance natierlech ass dëse Patient der Meenung, dass en och en Antibiotique bräicht, a meeschtendeels geet dat dann esou, dass den Dokter him ee verschreift, a wann dann déi Iddi weidergeet, da kritt en och nach e Mëttelche fir de Mo dobäi fir, wann en den Antibiotique hëlt, en de Mo net wéi kritt. Dat ass nun eben esou, dass op där enger Säit da käschtenintensiv iwwert den Dokter gefuer gëtt, op där anerer Säit kënnt een dee Problem ganz oft iwwer en normale Besuch an der Apdikt léisen.

En anert Beispill, fir och ze weise wéi do gehandelt gëtt, ass dat, wann zum Beispill e Mënsch vu klengem u mat enger signifianter Aschwächt geplot ass, an deen e Brëll zum Beispill vun enger Stäerkt vun 10 Dioptrie bräicht, an déi géif sech da gären enger Laser-Eye-Correction ënnerzéien. Esou eng Interventioun kascht tëschent 3.000 an 3.500 Euro, mä dofir gëtt et awer weder eng Verschreiwung, nach iergenden Euro vun der Krankekeess. Obwuel dëse Patient also bis un d'Enn vu sengem Liewen d'Keess vill méi u Brëller kascht wéi déi eng oder eemoleg Laserinterventioun géif ausmaachen u Keessebelaaschtung, esou hu mer dach dëse Cas de figure, an esou eppes, géif ech mengen, kann net sinn.

Dës zwee Beispiller weisen, dass mer am Fong geholl ze oft ze wéineg selektiv sinn am Ëmgank mat der Gesondheetsvirsuerg. Et gëtt net ganzheetlech iwwerluecht, an et gëtt net genuch zilorientéiert iwwerluecht. Fir eng hondsgewéinlech Erkältung, déi och no enger Woch mat oder ouni Traitement eriwwer ass, brauch een am Prinzip och keen Antibiotique. A fir eng zolidd Kuckschwächt ass et méi sënnvoll an et féiert zu erhieflech méi Liewensqualitéit sech Laser behandelen ze loossen, wéi 70 oder 80 Joer laang vu staarke Brëller oder Kontaktlënsen ofzehänken.

An d'Moral vun der Geschicht ass, d'Konsequenz aus deem dote Feeler ass am Fong geholl, dass d'Krankekeessen iwwerbelaascht sinn, obwuel dat net misst sinn, an dës Iwwerbelaaschtung hëlt natierlech dramatesch zou. Do kann een zum Beispill kucken a gesinn, dass an de Joren 2002 bis 2003 d'Statscotisatiounen ëm 25 Milliounen Euro, dat ass wierklech eng Milliard al Lëtzebuerger Frang, an d'Luucht gaange sinn. Dës Ausgaben natierlech werfen de Statsbudget net op d'Kopp, mä si sinn e Symptom vun enger Kränkt, déi an enger Perspektiv vu finanzpolitescher an ech géif och soen hei gesondheetlecher Nohaltegkeet muss geheelt ginn.

Esou laang et nämlech gutt geet, kann een all Zort vu Leeschtunge bezuelen, ouni iwwert d'Cotisatiounen nozedenken. Eng stänneg steigend Lounmass erlaabt et dës niddreg ze halen. Wann awer eng Kéier alles vill manner gutt geet, da ginn d'Cotisatiounen op eemol en Thema, well deenen hir Erhéijung kuerzfristeg dat eenzegt Mëttel ass, fir am Eeschtfall d'Keessfinanzen auszegläichen. D'Kompetitivitéit vun eiser Lounrealitéit géif dann a Fro gestallt ginn, net well déi adequat Versuergung mat Medezinleeschtunge real méi deier géif ginn, mä well déi néideg Upassungen an der Prestatiounslandschaft, ech géif soen, in tempore non suspecto verpasst goufen.

Esou eppes däerfe mer net zouloossen. Erlaabt mer och hei déi Klamer ze maachen, dass Iwwerleeunge wéi déi heiten och sollten afléissen an déi Diskussiounen, déi mer deemnächst hei an der Chamber iwwert d'alternativ Medezin féiere wäerten. Wéi soll och dës an de Lëtzebuerger Modell vun der Medezin afléissen, fir dass dat net ze vill käschtenintensiv gëtt? Global gekuckt an anere Wierder, d'Erkenntnis vum Noutstand an engem eenzege Beräich an d'Bestriewunge fir dësem Noutstand entgéint ze wierke kënnen zu enger globaler Verschlechterung vun der wirtschaftlecher an der finanzieller Situatioun féieren.

Un dësem Beispill vun der Krankeversécherung wëll ech weisen, datt an der Finanzpolitik all Beräicher vun der politescher Aktioun zesummelafen an interagéieren. Alles dat ka méi séier goe wéi et eis léif ass. Den aktuelle Kontostand vun der Aarbechterkrankekeess zum Beispill weist dat ganz kloer an däitlech. Ech wëll lech soen, datt ech der Iwwerzeegung sinn, datt eng rapid an effikass Sanéierung vun de Krankekeesen an d'Schafe vu laangfristeg drobaren Zukunftsperspektive fir d'Keesen en onverzichtbaart Element vun enger globaler Konsolidéierungspolitik vun eise Statsfinanzen a vu méi drécheneen Zäiten ass.

Esou eng Sanéierung ass natierlech net zum politeschen Nulltarif ze kréien, et geet och net duer just liicht un der Lëscht vun de rembourséierte Medikamenter ze fréckelen. Mir mussen e konzeptuelle Wandel an eiser Gesondheetsversuergung erbäiféieren, fir datt Leit, déi wierklech Prestatioune brauchen, déi ënner allen Ëmstänn an Usproch huele kënnen, ouni mussen ze waarden a sech éiweg transferéieren ze loossen, well iwwerzuge Rembourse-menter vu marginalen Therapien d'Uschafe vu performantem medezinesche Material hypothekéiert hunn. Mir brauchen also hei déi richteg Prioritéiten.

Vergiesse mer an dësem Kontext och net, datt am Moment de Gesondheetssecteur séier onroueg ass. D'Dokteren erhiewe Revendicatiounen, déi mat der Indexéierung vun hiren Honorairen deelweis erfëllt goufen, an d'Spidolspersonal ass net frou iwwer seng Aarbechtsbedingungen a seng Entlounung, an ech fäerten dass, ier mer deen nächste Budget hei stëmmen, mer nach e Streik am Gesondheetssecteur erlieft hunn.

Mir brauche mat allerleschter Sécherheet och gesond Keese fir an Zukunft an enger performanter Prestatiounslandschaft och kënnen op verschidden Erwaardungen anzegoen, déi dat medezinescht Personal zu Recht huet. Nach eng Kéier geet et net, datt mer de Status quo vun enger falscher Leeschtungspolitik vun de Keesen erhalen an doduerch eng qualitativ Verbesserung souwuel vun de Leeschtunge wéi och vun der Atmosphär an de Spideeler verhënneren. D'Suen, déi de Stat insgesamt an d'Gesondheet kann investéieren, sinn eben nëmmen eng Kéier do. Un enger couragéierter Ëmleedung vun de verfügbare Mëttele féiert also kee Wee derlaanscht.

Här President, ech hu bei de gesonde Statsfinanzen ugefaange fir uschléissend op eent vun de méigleche Risikofelder eriwwerzeschwenken, déi een ënner Observatioun muss loossen, fir dass eben eis Statsfinanze bei gudder Gesondheet bleiwen. Där Risikofelder ginn et méi, esou zum Beispill d'Gehälter, déi déi öffentlech Hand ze huelen huet. Esou wéi ech elo grad net iwwert déi aktuell objektiv Geldbeträg diskutéiert hunn, esou sinn och dës Kéier nees eng Kéier d'Käschte vum öffentlechen Déngscht net de Problem, well mir hunn einfach keen ze groussen öffentlechen Déngscht, mä et ass seng Adéquatioun géigeniwwer vun den Ufuerderunge an eiser Gesellschaft, déi iwwerduecht gi muss.

Mäi Fraktiounspresident Lucien Weiler huet et scho gesot: Wa mer all Fuerderungen no méi staatlechem a parastaatlechem Personal missten erfëllen, da léiche mer finanziell ganz séier um Réck. Dat geet net, net elo an och net deemnächst. Also muss eppes anescht goen. Also muss et méiglech ginn endlech am Kader vun enger wierklecher Verwaltungsreform ze raisonnéiere fir eng besser Adéquatioun zwëschent dem öffentlech bezuelte Personal an den Erwaardungen un de Stat a seng Verwaltung ze erreechen.

Datselwecht gëllt och op Gemengenniveau, wou d'Gemengen als modern Serviceprovider Biergerämter afëieren. Och hei drängt sech eng Reorganisatioun vun de Gemengeservicer an eng néideg Personalëmorganiséierung op. Als Konklusioun kéint ee soen: Villen Challengë mat deenen eise Stat a seng ugeschlosse Sendeanstalt sech konfrontéiert gesi kann duerch eng Perspektivännerung begéint ginn, an zwar net nëmme mam selwechten, mä mat souguer engem besseren Effekt an engem méi déifgängegen Impakt, wéi wann een einfach nëmmen do Geld erapompelt.

Well wann déi aktuell Situatioun eis eppes virun Ae féiert an dat op andrénglech Manéier, dann ass et dat datt mer ëmmer a gudde wéi a manner gudden Zäite bei de gängege Statsausgabe musse Fouss bei Mol halen. Deemno si kreativ Usätz an der Politik erfuerdert. Fir déi kënnen ze entwéckelen an dann och duerchzesetzen, brauche mer déi mental Disponibilitéit fir esou Usätz. Besëtzstandsdenke bréngt eis net weider, ganz besonnesch well mer net weiderkommen ouni den aktuelle gesellschaftleche Besëtzstand a Fro ze stellen. Et stellt sech insgesamt eng Fro vu Leeschtungsbereetschaft, an op dës Fro ka just eng positiv Äntwert envisagéiert ginn.

Mä geleeëntlech musse mer eis an der Politk trauen den objektiv méi richtege Wee mat Courage ze beschreiden, och wann et dann alt déi eng oder aner Lamentatioun wäert ginn. De weideren Erfolleg vun eiser Wirtschaft, déi weider Stabilitéit a Gesondheet vun eise Statsfinanzen an déi weider Leeschtungsfäegkeet vun eiser Gesellschaft ginn et eben nëmmen zu dësem Präis.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, den nächste Riedner ass den Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dës Regierungserklärung zur Lag vum Land wäert sécherlech net als visionäert Glanzstéck, als wegweisend politesch Orientéierung an déi parlamentaresch Geschicht agoen. E Joer virun de Wahlen ass versicht ginn e positive Bilan ze zéien an et ass eng lescht Salve vun Ukënnegunge geschoss ginn. D'Visioune beschränke sech dëst Joer op d'Unkënnegung vum schwaarze Schokola an haardem Brout.

Dem erstaunte Bierger gëtt matgedeelt mir hätte keng Krisis, mä et géif kriselen. D'Zäit vun de Knippercher an de Korinthe wär eriwwer, heescht et. Esou wäit zu de Visiounen. Do, wou eng nüchtern, eng komplett, och eng schounungslos Bestandsopnahm vun der Lag vu Lëtzebuerg wirtschaftlech a sozial ubruecht gewiescht wär, gëtt mat Ukënnegungseffete gespillt, bleift et op weide Strecke bei Rechtfertigungsversich no véier enttäuschende Regierungsjoren. Ee Joer virun deenen nächste Wahle gëtt vun der leschter Chance profitéiert.

Et ass amüsant ze gesi wéi d'CSV-an DP-Regierung d'Tiräng vum Ministerrot vun deene leschte Méint eidel gemaach huet fir ze versichen den Androck vun Aarbechtsäifer a Reformwëllen ze liweren. Dat ass an eisen Ae keen Zeeche vu Gréisst, vu Selbstbeherrschung, mä éischter e kloert Unzeeche vun Nervositéit a vu Veronsécherung. Wéi déif muss d'Kritik vun der Oppositioun dës Majoritéit an de Premier getraff hunn, wann hien an esou eng Trickkëscht gräife muss fir Aktivismus virzetäuschen?

Dës Regierung huet, an dobäi bleiwe mer, méi verwalt wéi gestalt. Si huet och Knippercher verdeelt a si huet virun allem viru sech hi gelieft, bis se am spéiden Hiersch d'lescht Joer vun dem Wirtschaftsréckgang kal erwëscht ginn ass. Nach haut, aacht Méint duerno, huet se sech vun deem Schock net richteg erholl.

Nodeem dës Regierung an hire Premier iwwer laang Joren d'Land gleewe gelooss hunn, dass déi Lëtzebuerger Spëtzepositioun an Europa virun allem och hire politesche Verdéngscht wär, muss se elo dem Land erklären, a si deet sech schwéier domadder, wéisou et eisem Land an engem Zäitraum vun nëmmen zwee Joer am Verglach zu anere Länner an der Europäescher Unioun méi schlecht geet a wéi mer vun der Plaz 1, déi mer während Joren an Europa gehalen hunn, an d'Mëttelfeld zréckgefall sinn. Ass dat éiren och dëser Regierung hire Verdéngscht? Lëtzebuerg ass a wesentleche Beräicher just nach Mëttelmooss. An eisen Aen ass dat zu engem Deel d'Resultat vun der Regierungspolitik oder éischter vun enger fehlender Regierungspolitik, an zwar vun enger Regierung, déi sech a gudde Joren zréckgeluecht huet. Dës Regierung war mëttelméisseg an hire Leeschtungen.

De Wirtschaftswuesstum. Et ass holpreg a gewot hei d'Joer 1995 ze beméien, wou an engem Joer e Wirtschaftswuesstum vun 1,3% war, wann ee weess dass an der zweeter Halschent vun den 90er Joren d'Moyenne vum wirtschaftleche Wuesstum pro Joer 5,5% héich war. Elo an enger Zäitperiod vun dräi Joer: 2001, 2002, 2003, leie mer bei engem Wirtschaftwuesstum ëm 1% an engem Joer. Dat ass eng Stagnatioun.

Mëttelfeld si mer och an der Inflatioun, wou mer weider iwwert der Grenz vun 2% dohin dümpelen a mir sinn amgaangen ofzerutschen och wat d'Budgetsgläichgewiicht ugeet, wou d'Tendenz ganz kloer no ënne weist. Déi lescht Zuelen, déi nach an deene leschten Deeg vun der europäescher Kommissioun fir 2002 publizéiert gi sinn, si contraire zu deenen Zuelen, déi de Premier gëschter hei virgefouert huet.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Déi weisen nämlech aus, datt Lëtzebuerg no de Regele vun der europäescher Kommissioun wéi och vun der Europäescher Zentralbank net en Excédent vu Recettë fir 2002 opzeweisen huet, mä dass de Stat, doduerjer dass een d'Ausgabe vun de Fonge mat berücksichtegt, en Defizit opzeweisen hat am Joer 2002 vun 0,2% vum PIB. Dat ass et an deene leschte Jorzéngten nach net ginn. Et ass déi éischt Kéier, wou Lëtzebuerg an europäesche Statistiken op der Negativsäit erëmzefannen ass. D'Tendenz weist also och do kloer no ënnen.

Katastrophal Zensure ginn et dann am Uwuesse vun der Aarbechtslosegkeet. Déi lescht Zuele plus 34% par rapport zum leschte Joer. Katastrophal Zensuren am Beräich vun e-Government, vun e-Administration, wou mer zum leschte Peloton an Europa gehéieren. Katastrophal Zensuren och am Educatiounssystem, wou mer no PISA Schlussliicht an Europa am Beräich vun der OCDE sinn.

Ënnert dëser Regierung, dat kann elo net nëmmen Zoufall sinn, ass Lëtzebuerg am Vergläich zum Ausland, och am Vergläich vu ville vu sengen direkten Noperen, no hanne gerutscht. Lëtzebuerg ass net no vir komm an deene leschten dräi Joer. Déi positiv Differenz, déi mer während laangen Zäiten zu eisen europäesche Partner gehalen hunn, ass geschmolz.

E Ruck geet duerch d'Land, esou hat den Här Rippinger gemengt 1999 wéi dës Regierung ugetratt ass. Effektiv, e Ruck ass duerch d'Land gaangen. De Wirtschaftsminister schwätzt a senge Riede vun engem Broch, dee sech gemaach huet am leschte Joer. De Premier seet et géif kriselen hei zu Lëtzebuerg. Ass dat dee Ruck, deen d'Demokratesch Partei am Ufank vun dëser Legislaturperiod gespuert huet? Ass dat dee Ruck, dee sech erwaart ginn ass? Ass dat déi Opbrochstëmmung, déi sech sollt hei maachen? Et ass eng Ofbrochstëmmung, déi sech déi lescht Joren hei zu Lëtzebuerg breet gemaach huet ënnert dëser CSV-DP-Koalitioun.

Une voix.- Ganz, ganz richteg.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- An dës Regierung gëtt net d'Bild of vun engem deen agéiert, dee versicht d'Steier ëmzerappen, mä éischter d'Bild zënter laange Méint vun engem Spectateur deen hofft, dass international Wirtschaft sech géif erkréien, dass mer och géifen dovu profitéieren, esou wéi vill Leit drop waarden, dass et erëm eng Kéier bessert Wieder hei zu Lëtzebuerg gëtt. An ech sinn erstaunt den Här Weiler gëschter hei ze héieren, dee leider haut de Mueren net hei ass, bei dësen Debatten, wéi en op eemol, an de Premier huet et och ugedeit, …

***(Interruptions)***

D'Sitzung geet um néng Auer un.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Une voix.- Wat net gutt ass, muss een och net nomaachen, Här Krecké!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, wann Der erlaabt, géif ech virufueren. Ech sinn erstaunt iwwert dat wat den Här Weiler hei gëschter gesot huet a wat och de Premier a senger Deklaratioun gemaach huet, wou elo op eemol ugedeit gëtt, well nach viru sechs Méint hu se sech hei lächerlech gemaach iwwer e Gedankegang, dee vun eiser Säit formuléiert ginn ass, fir ze soen, et misst een och driwwer nodenken, ob een net verstäerkt erëm op Empruntë géif zréckgräifen an deenen nächste Joren. Do hat den Här Frieden hei geäntwert, et géing ni an d'Tut kommen, fir dat ze maachen.

Abee, sechs Méint drop e ganz anere Son de cloche. Et gëtt ugedeit, dass ee misst verstäerkt op d'Loi de garantie zréckgräifen, dass een och misst drun denken, bei där niddreger Verscholdung déi mer hunn, op Emprunten zréckzegräifen. Op eemol ass dat net méi wouer, wat se nach mat Virulenz virun e puer Méint hei behaapt hunn. Dat beweist, dass se eigentlech net wësse wou se dru sinn, wat se solle maachen, an dass se all puer Méint eng aner Positioun anhuelen.

Paff war ech ze héieren déi nei Prioritéiten, déi vun der CSV wëlle gesat ginn an der Budgetspolitik an den nächste Joren, wou wichteg Themen ugeschwat ginn, dräi Stéck. Zoufälleg sinn et dräi Themen, déi ganz no un CSV-Ressorten ugegliddert sinn a wou d'Schoul feelt. Ass éieren de Vote vum Gesetz iwwert d'Privatschoul, d'öffentlech Schoul, d'Schoul insgesamt keng absolut Prioritéit méi, déi ënnert déi Top 3 misst komme vun der CSV?

Abee, den Här Weiler ass gëschter am Numm vu senger Partei op eng aner Schinn gefuer. D'Schoul war net méi an den Top 3 vun de politesche Prioritéite vu senger Partei. Dont acte!

Dës Regierungserklärung ass net nëmme symptomatesch fir eng gewësse Politik duerch dat, wat se seet, mä dës Regierungserklärung ass och besonnesch bemierkenswäert duerch dat wat se net gesot huet, oder wat se net méi seet.

D'Nohaltegkeet, erënnert lech drun, am Joer 2000 den Highlight vun der Regierungserklärung. An all drëtte Satz vun der Erklärung ass Rieds gaange vun der Nohaltegkeet, dass sämtlech Politiker sech missten op dem Begréff vun der Nohaltegkeet ronderëm dréinen. Dat Wuert kënnt an enger Ried vu bal 40 Säiten net méi dra vir. Et ass komplett aus dem Vocabulaire vun der Regierung, an ech mengen och aus dem Häerz vun der Regierungspolitik verschwonnen. Et beschränkt sech op ee Punkt an enger Lëscht vun 22 Gesetzesprojeten, déi an der Chamber virgëschter deponéiert gi sinn.

Keen eenzegt Wuert och iwwert d'Ëmweltpolitik. An den Här Rippinger huet misse versichen deen Désaveu praktesch ze rektifizéieren, doduercher dass e sech beméit huet als DP-Spriecher dann op déi grouss Mériter vun hire Ministeren an deem Beräich hinzeweisen. De Premier huet et net gemaach. Net dass e vun de Ministeren net geschwat huet, mä hien huet zum Fong, zur Ëmweltpolitik net eng Ausso gemaach an där ganz laanger Ried.

Ech ginn den Androck net lass, dass d'Nohaltegkeet, d'Ëmwelt sech eigentlech reduzéiert an den Ae vun dëser Majoritéit op e Gadget fir an eng Deklaratioun, deen direkt duerno erëm vergiess gëtt.

De Statsminister huet eng Lëscht vun zukünftege Gesetzer ugekënnegt. Ech géif gären, nëmmen am Ëmweltberäich, déi Lëscht do complétéieren duerch Regierungsprojeten, déi 1999 ugekënnegt gi sinn, an déi bis dato net virleien an déi och net méi wäerte komme bis zum Enn vun dëser Legislaturperiod. Nëmmen am Ëmweltberäich. Deen Exercice do wäerte mer verstäerkt a sämtleche Beräicher an deenen nächste Méint virhuelen.

Wou bleift dat versprachent Gesetz iwwert de Buedemschutz? Et ass no mengen Informatioune vum Regierungsrot ofgeschoss ginn.

Wou bleiwen déi versprache gesetzlech Verankerunge vu Mindestnorme fir Waasser a Loftqualitéit? Vun CSV an DP definitiv begruewen.

Wou bleift d'Reform vun der Ëmwelt- a vun der Forstverwaltung? Op déi nächst Legislaturperiod opgeschuubt.

Wou bleift dat an Aussiicht gestalte Gesetz iwwert d'Ëmwelthaftung? Näischt ze gesinn.

Wou bleift e verbindleche Programm fir Klimaschutz hei zu Lëtzebuerg? Definitiv begruewen.

Dës impressionant Lëscht vun ugekënnegten an noutwennege mä definitiv vun dëser Regierung begruewene Reformen, eleng am Ëmweltberäich, beleet d'Karenze vun der Regierungsaarbecht vun dëser konservativ-liberaler Koalitioun. Vu Reformäifer keng Spur. Déi legislativ Initiative beschränke sech op e strikte Minimum. Missten net europäesch Direktiven en masse ëmgesat ginn, wär de Bilan nach vill méi schappeg.

D'Thema Sécherheet ass dëst Joer zu engem zentrale Punkt vum Premier senger Deklaratioun ginn. Dat ass gutt esou. Dat gëllt fir d'Aussesécherheet, wou ee muss feststellen, dass no 8 1/2 Joer - ass jo och net schlecht - de Statsminister endlech sengem Optrag gerecht ginn ass, deen e schonn am Joer 1994 kritt huet, fir eng Reform vum Geheimdéngscht virzebereeden, déi d'Streck kann halen. Mir huelen dat zur Kenntnis, mä et erwaart jo awer wierklech keen hei, dass mer mat där Lenteur administrative oder politique och nach der Regierung félicitéieren, dass se dat mécht, wat se eigentlech scho sollt zënter laange Jore maachen.

Dëse Regierungsprojet wäerte mer veruerteelen opgrond vun där politescher Stellungnahm, déi mir am Ufank vun dësem Joer virgeluecht hunn. Mir wäerte kucken ob déi Reform vum Geheimdéngscht, déi iwwerfälleg ass, deene politesche Kritären entsprécht, déi mir gesat hu wat d'Kontroll ugeet vun deem Organ, awer och wat méi Transparenz ugeet vun der Aarbecht vun deem Organ. Dat heescht net Divulgatioun vu Statsgeheimnisser, wéi de Premier dat wëllt duerstellen, dat heescht ganz einfach dat maachen, wat am Ausland ronderëm eis gemaach ginn ass an deene leschte Joren. An d'Aarbecht vun deem Service de renseignement och no bausse brénge an domadder dat maachen, wat zu engem moderne Rechtsstat gehéiert.

Mir wëllen also intern an extern Kontrolle vun esou engem Service de renseignement mat kloer délimitéierte Kompetenzen. Wann dat de Fall ass, a wa mer et nach kënne fäerdeg brénge op eenzelne Punkten dee Projet do ze verbesseren, da wäerte mer eis sécherlech net esou enger Reform opposéieren, déi mer während laange Jore gefuerdert hunn.

Hoffentlech geet et deem Service de renseignement, well d'Zäit gëtt jo elo awer e bëssen enk, e bësse besser wéi enger anerer phantastescher Iddi vun dëser Koalitioun, déi jo deemools a kengem Wahlprogramm stung an déi se awer op eemol aus dem Zauberhutt erausgezunn huet, déi vun der Kreatioun vun engem Corps civil. Erënnert lech drun. Wat hu mer Diskussiounen driwwer gefouert an de Joren '99 an 2000. Zënter 2001 huet een den Androck, dass sech näischt méi deet op deem dote Plang. Dat ass e Begriefnes éischter Klass. Mir hoffen, dass datselwecht net mat der Reform vum Service de renseignement geschitt.

Et ass also net nëmme wichteg fir Saachen unzekënnegen, et muss een och Saachen ausdenke bis zum Schluss, an dat ass a ville Fäll bei dëser Koalitioun net geschitt.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här Bodry, zum Corps civil hate mer eng Interpellatioun an d'Chamber huet eng eestëmmeg Motioun dozou ugeholl.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- D'Effete waren net phantastesch, Här Fayot, do gitt Der mer sécher Recht.

Méi konfus, Dir Dammen an Dir Häre, sinn d'Aussoe vum Premierminister wann et ëm d'öffentlech Sécherheet geet. Wa mer also deen Domän, eigentlech säin Domän vum Service de renseignement, wou eng gewësse Faszinatioun och duerchgeklongen ass a senger Ried fir déi Aarbecht, verloossen, komme mer op dee méi breede Beräich vun der öffentlecher Sécherheet, deen d'Opinion publique sécherlech méi betrëfft a méi interesséiert, e wichtegt Uleies vu ville Matbierger.

Ech muss éierlech soen, ech hunn déi Säiten an der Erklärung gelies an erëm gelies. Vun engem zesummenhängende Konzept a puncto Sécherheet leider keng Spur. Dës Regierungserklärung ass a puncto öffentlech Sécherheet en eenzege Sammelsurium, eng ongeuerdnet Additioun vun eenzelnen Iddien a Kommentaren, just de Contraire vun engem u sech kohärente geschlossene Projet, fir d'Recht op Sécherheet fir all Bierger hei zu Lëtzebuerg an Zukunft och weider kënnen ze garantéieren, wann net esouguer auszebauen.

Ech zielen op, wat dann esou alles vun Iddien a Kommentaren an där Deklaratioun vun der Regierung dran ass.

Eng Unerkennung vun der Aarbecht vun der Polizei, d'accord.

Eng Appréciatioun iwwert de sougenannte Krawalltourismus.

D'Gefor vum Terrorismus, nei Polizisten, bessert Material, en Optrag vun den héijen Offizéier fir e Sécherheetskonzept, net fir d'Land, dat ass falsch verstane ginn, mä e Sécherheetskonzept fir grouss Demonstratiounen a fir d'EU-Présidence vun 2005 ze erstellen.

Nei Iddi, zwee zousätzlech Untersuchungsriichter fir um Bezierksgeriicht hei zu Lëtzebuerg, d'Ukënnegung vun engem Gesetz - d'Gesetz hu mer nach net - iwwer eng DNA-Analysendatei, a schliesslech eng méi oder manner streng Bekenntnis zur Lex Frieden iwwert den Hausfriddensbroch.

Ech froe mech: Ass dat Opziele vun eenzelne lassgeléisten Iddien d'Äntwert vun CSV an DP, vun dëser Koalitioun, vun der Regierung op déi grouss politesch Erausfuerderung wat d'öffentlech Sécherheet ugeet? Dat kann dach net sënn, géif d'Madame Polfer soen, wa se sech haut nach géif ëm Sécherheetsfroe bekëmmeren, mä mam Wahldag vum Juni 1999 war dat jo bekanntlech eriwwer. Ass dat do d'Äntwert op déi lescht Polizeistatistiken, déi fir d'Joer 2002, fir dat lescht Joer also, déi héchsten Zuel vu Strofdoten iwwerhaapt enregistréiert huet zënter dass esou Statistiken hei zu Lëtzebuerg opgestallt ginn? Et waren der iwwer 30.000, e Plus vu méi wéi 10% géintiwwer dem Virjoer, dem Joer 2001.

Dat ass der Regierung kee Wuert vu Kommentar Wäert an engem zentrale Punkt vun der Regierungserklärung, wou se selwer d'öffentlech Sécherheet wollt no uewe kéieren. Déi beschränkt sech also op Arcelor, déi beschränkt sech op den Terrorismus, si beschränkt sech op Hausfriddensbroch, wéi wann dat wierklech d'Problemer an der Sécherheet wären, déi d'grouss Mass vun de Leit géife beonrouegen. Dat si ganz aner Problemer, an déi musse mer de Courage hunn opzewerfen an och éischt Äntwerten op déi Froen ze ginn, déi sech d'Leit dobausse stellen. Mat Rou a Besonnenheet selbstverständlech, mä ouni aver déi Warnsignaler ze ignoréieren,

déi sech verstäerkt déi lescht Joren, besonnesch dat lescht Joer hei zu Lëtzebuerg gewisen hunn.

Mir mussen driwwer diskutéieren. Et wär dee gréisste politesche Feeler vun alle Parteien, wa se géife maache wéi wann do kee Problem wär, aus Angscht et kënnt ee Populisten iergendwelche politeschen Terrain preparéieren. Mir mussen dat a Rou maachen, a Besonnenheet maachen, ouni ze dramatiséieren, mä mir mussen awer weisen, dass mer déi Froen do eescht huelen a se net einfach ignoréieren an den öffentlechen Deklaratioune vun dëser Regierung. Dat ass genau dat, wat de Populisten eigentlech den Terrain preparéiert. Dee Feeler do däerfe mer net maachen.

Et ass och ganz geféierlech wéi de Justizminister dat d'lescht Joer gemaach huet, Ukënnegungen ze maachen, den Androck ze gi wéi wann een duerch Wierder kënnt vun haut op muer fundamental eng Verbesserung vun der Situatioun erbäiféieren, an da gëtt een natierlech spéitstens ee Joer duerno konfrontéiert mat dem Bilan vun deem wat een dann ugekënnegt huet, mat der Realitéit, wou se gemooss ginn ass vun der Polizei um Terrain. Wat sollt also déi Deklaratioun vum Justizminister? Wat huet e gebastelt fir déi ze maachen, et géife keng Delikter méi klasséiert ginn an Zukunft?

Liest de Rapport d'activité vun de Justizorganer. Dausende vun Dossieren an och Dausende vun Delikter si meeschtens mat ganz gudde Grënn, dat wëll ech soen, klasséiert gi vum Parquet, wéi déi Jore virdru se och klasséiert gi si vum Parquet. Wat sollen also déi „law and order"-Parolen, déi do lancéiert ginn, déi null Effet no bausse hunn, an déi eigentlech den Androck bei ville Leit verstäerken, et ass jo nëmme geschwat ginn an dass sech näischt um Terrain deet.

Datselwecht gëllt fir de Malaise an der Justiz, deen nach ëmmer tëschent den Zeilen duerchdréngt wann een dee Rapport vun deenen eenzelne Justizorganer liest. Deen ass net ewech, an dee gëtt och net doduerch besser, dass ee jorelaang iwwer en neie Palais de Justice diskutéiert an net capabel ass dee Projet zerguttst ze schnüren. Mir sinn do nach wie vor net fundamental weiderkomm, an dat dréit weider zu deem Malaise bäi, deen an der Justiz ass, déi weider kloen iwwer e Manktum u Moyenen, Manktum och un Informatiséierung. Et ass jo en Hohn dass ee muss liesen, dass en héije Magistrat schreift, e konnt eng gewësse Statistik net erauszéien, well en d'informatescht Material net huet fir dat ze maachen. Dat ass deen SOS, deen zënter Jore vun de Justizorganer hei via Politik lancéiert gëtt a wou et wierklech Zäit ass, dass mer drop reagéieren, net duerch kleng punktuell Moossnamen. Et bréngt näischt eng weider Plooschter op en hëlzent Been ze maachen.

Wat mer hei brauchen, dat ass dass mer enger grousser Gefor entgéint wierken. Et ass de Procureur général deen dat schreift, dass mer hei zu Lëtzebuerg net an eng Zweeklassejustiz erarutschen. An e seet wat en domadder mengt, dat heescht also engersäits kleng Stroftäter, déi systematesch verfollegt a sanktionéiert ginn, an op där anerer Säit grouss Stroftäter, haaptsächlech Wirtschaftskriminneller, déi dovu kommen, datt mer net à même sinn déi Enquêten esou ze féiere wéi et misst sinn, datt mer net à même sinn a raisonnablen Délaien déi Dossieren esou duerchzezéie bis zu enger Verueerteelung, wéi dat misst an engem volle Rechtsstat de Fall sinn.

Mir stoussen hei un d'Grenze vun der Souveränitéit vun engem Land. Wa mir et als Lëtzebuerg net fäerdeg bréngen an deenen nächste Joren do e Revirement erbäi ze féieren, da rutsche mer of, da verfält de Glawe vu ville Bierger un d'Rechtsstaatlechkeet, un d'Autoritéit vum Stat, an da si mer ganz schlecht hei gestiwwelt fir d'Zukunft.

Dofir ass et an eisen Ae kloer dass Justiz a Sécherheet mussen zum grousse politesche Chantier vun deenen nächste Jore ginn. Fir mech perséinlech ass et esouguer de politesche Chantier vun deenen nächste Joren. Wann et esou e Groupe de pression géif ginn am Justizberäich, deen et zum Beispill am Ëmweltberäich, am Wirtschaftsberäich gëtt, da wären do scho ganz aner Initiative geholl ginn, mä dat feelt an deem dote Beräich an dofir muss d'Politik déi Lobby duerstellen, si muss schwätze fir déi Justiziabel, déi nëmmen heiansdo eppes mat der Justiz ze dinn hunn, dann awer mierken, wat net esou fonctionnéiert wéi et soll fonctionnéieren. Dofir ass et ganz kloer vun eiser Säit eng absolut Prioritéit fir d'Sécherheet am grousse unzegoen, an dass karikatural se wëllen op Terrorismus, grouss Demonstratiounen a Besetzung vun Tankstellen reduzéieren, wéi de Premier dat a senger Deklaratioun gemaach huet.

Et sinn déi sougenannte Kleng- bis Mëtteldelikter, Vandalismus, Rowdytum, Racketing an de Schoulen, bis hin zum Déifstall an zum Abroch. Et sinn déi Saachen, déi d'Leit beonrouegen, net dass se alleguerten domadder schonn eng Kéier perséinlech getraff gi waren, mä well se einfach spieren, dass do e Problem ass. An ech soe ganz éierlech, gitt emol eng Kéier duerch den Aldringer. Ech muss lech soen, dat ass wierklech net evident. Wou ass dee Pilotprojet drun, dee praktesch fäerdeg ficeléiert war 1999, fir op deem dote Plang, Polizei, Service national de la Jeunesse, d'Stad Lëtzebuerg zesummen, e grousse Projet ze maachen, fir méi Sécherheet punktuell an de Schwéierpunkten hinzekréien? Do huet sech net vill gedoen an deene leschte Joren, grad wéi mer och net virukomm sinn an de Plans locaux de sécurité, wou nëmmen d'Gemeng Diddeleng praktesch duerchgeduecht huet bis zum Enn, mat der Hëllef natierlech vun de staatleche Stellen.

Mä mir hate sengerzäit 1998, dat si fënnef Joer hir, fënnef Pilotgemengen erausgesicht. Wéi wäit sinn déi Projeten da virukomm an deenen anere véier Gemengen? Firwat si mer do net méi schnell virukomm? Firwat huet et ee Joer gedauert bis de Règlement grand-ducal erauskomm ass, deen iwwerhaapt d'Kompositioun vun de kommunale Sécherheetscomitéë festgeluecht huet? Do war net genuch Drock hannendrun, wéi ech och muss soen, dass an där ganzer Fro, wat d'Polizeiaarbecht ugeet, ech just ka feststellen - et ass zumindest schonn dat -, dass d'Gesetz vun 1999 iwwert d'Police elo duerchgezu gëtt, dass dat korrekt eent zu eent praktesch ëmgesat gëtt, mä dass awer keng nei Iddi dobäi komm ass an deene leschte véier Joer.

D'Noperschschaftpolizei ass am Gesetz mat dran. D'Regionaliséierung ass ee vun de Kärpunkte vun deem Gesetz iwwert d'Police vun 1999. D'Lokalsécherheetspläng si verankert an deem doten Text. Gemeinsam Polizei, transfrontalière mat Däitschland, mat der Belsch a mat Frankräich, ass eng Iddi wou ech schonn zënter Joren dru geschafft hunn. Et ass keng nei Iddi komm an deem ganze Beräich. Dach, eng nei Iddi: D'DP huet se erabruecht, et ass eng al fir si schonn. D'Agents municipaux sollte méi Pouvoir kréien a sollte reglementaresch dann och verankert ginn. Do ass a véier Joer näischt passéiert op deem dote Punkt. D'DP huet 1999 sech gebretzt domat, ech weess et nach hei, si hätt sech op deem Punkt duerchgesat, dat wär eng grouss Errongenschaft wat d'Sécherheet ugeet.. Bis dato ass op deem dote Punkt näischt geschitt, an ech soen Iech, et ass gutt dass näischt op deem dote Punkt geschitt ass, mä dat dote schéngt déi Liberal net méi besonnesch ze betreffen.

D'Ausdehnung an d'Verschäerfung vun de Strofbestëmmunge feelt, den Hausfriddensbroch, ech kommen dorop zréck, ass keng genial Iddi. D'Lex Greenpeace, d'Lex Frieden, egal wéi ee se nennt, déi dës Regierung, ouni dass dat am Regierungsprogramm gestanen huet an ouni dass dat eng Partei gefrot hätt an hire Wahlprogrammer, ass dozou iwwergaangen an huet oniwwerluecht an onnéideg e Gesetzesprojet erabruecht, deen den Hausfriddensbroch hei zu Lëtzebuerg ausdehnt a méi staark bestrooft. Hei gëtt net e Gläichgewiicht hiergestallt tëschent Fräiheeten a Recht, mä hei gëtt e Gläichgewiicht, wat zënter Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg bestanen huet tëschent eenzelne Grondrechter a Grondfräiheeten, net gestäerkt, mä gëtt gekickt.

De Schutz vun dem Privatbesëtz ass fir d'CSV an d'DP méi héich anzeschätze wéi d'Recht op Streik, d'Recht op fräi Meenungsäusserung an d'Recht op Demonstratioun.

***(Brouhaha général)***

Dat ass d'Logik vun deem heiten Text.

***(Interruptions)***

Kuckt wat fir eng Strofbestëmmungen da virgesi ginn, wann déi aner Fräiheete getraff ginn. Déi ginn net mat jorelaangem Prisong bestrooft wéi dat hei vun der Regierung geplangt ass, mä de Schutz vum Privatbesëtz steet iwwert deene Fräiheeten an dat ass grondfalsch. Dat ass eng Verdréinung vun der Wäerthierarchie, esou gesi mir dat als sozialistesch Partei op jidde Fall. Mir brauchen dat eent, mir brauchen dat anert, mä während Jorzéngten, während Jorhonnerte kënnt ech bal soen, well déi Texter, déi mer hunn, ginn op 1818 zréck, war do kee majeurë Problem. Firwat dohinner goen an esou e fundamentaalt Ongläichnis hierstelle wéi dës Regierung dat plangt mat hirem Projet?

Dëse Regierungsprojet, dat muss ech och soen, gëtt eigentlech fir de Moment just nach esou voll vum Här Frieden a vun der Jeunesse démocratique ënnerstëtzt. D'CSJ, d'Gewerkschaftskreeser, d'Société civile a souguer de Premierminister ënnert enger ganz verklausuléierter Form, wéi hien dat esou gutt ëmmer ze maache versicht, sinn amgaang a Raten Distanz ze huelen zum ursprüngleche Projet.

Abee, ech soen Iech, sidd Iech konsequent mat der Haltung, déi Der elo zënter Woche féiert. Geheit deen dote Projet de loi an de Pabeierkuerf, well do gehéiert en hin. D'Regierung soll dee Projet de loi zréckzéien an da loosse mer an aller Rou driwwer diskutéiere wéi mer an esou engem Noutfall, dat heescht wann eng Occupatioun vu Privatterrain oder eng Occupatioun vu private Gebailechkeete wierklech e Blocage duerstellt, eng Gefor fir d'öffentlech Sécherheet duerstellt, wéi da ka reagéiert ginn.

An ech soen Iech, ech bleiwen dobäi, et ginn haut genuch juristesch Instrumenter, prozedural Instrumenter fir säi Recht do anzekloen. Et gëtt dee Referee. Deen huet an der Vergaangenheet gespillt. Wann hie moies schonn ugefrot gi wär, dann hätt hien och voll bei deem leschte Fall spille kënnen, dee jo anscheinend dann déi Drëps war, déi deen heite Projet de loi ausgeléist huet, ech schwätze vun der Besetzung vun den Tankstellen.

Et gëtt e Gemengegesetz - et wonnert mech, dass bis elo nach keen dat bemierkt huet -, et gëtt e Polizeigesetz vun 1999 mat engem Artikel 41, dee ganz kloer seet: Wa Menaces graves a l'ordre public do sinn, da kann d'Polizei d'Uerdnung erëm hierstellen. Da ka se also um Terrain raumen. Dat bestätegt dat, wat de Procureur gesot huet. De Procureur sot: „Mir als Parquet hunn an esou Fäll keng Méiglechkeet anzegräifen."

Et ass evident, de Parquet ass an d'Polizeigesetz net mat implizéiert. Do kann d'Polizei direkt agräifen, wa wierklech eng Gefor do ass. Wann et zu engem absolute Blocage kënnt, da ginn et haut Méiglechkeete fir anzegräifen. Et muss een natierlech dat maache wëllen, mä wann en neien Text do ass, da muss een och deen an der Praxis ëmsetze wëllen. Wann et um Wëlle feelt, dann hunn d'Texter net vill Wäert. Et besteet natierlech d'Méiglechkeet fir och herno Schuedensersatz ze verlaangen, wann da wierklech e Schued entstanen ass, deen een natierlech da beleeë muss.

Mir sinn der Meenung, dass Schüler, déi eng Schoul besetzen, dass streikend Aarbechter, déi eng Hal a Büroen am Kader vun enger Streikaktioun besetzen, dass militant Ëmweltaktivisten, déi op öffentlech Gebaier kloteren an och emol Accèsen zousetzen, vun der Polizei haut bei Gefor gestéiert an och evakuéiert kënne ginn. Dat ass an eisen Ae geltend Recht.

Op jidde Fall besteet null Noutwendegkeet fir un eise Code pénal ze goen an eng Ausdehnung vum Hausfriddensbroch an eng Verschäerfung vum Hausfriddensbroch ze maachen, wéi dës Regierung dat geplangt huet. Dat Schlëmmst jo an där ganzer Approche ass dat, dass praktesch duerch dëse Regierungstext déi Leit, déi ech opgezielt hunn, zu Stroftäter ginn. Si ginn zu Delinquenten. Si gi kriminaliséiert. Dat ass fir eis inakzeptabel. Duerfir kënne mer net iwwert de Wee vun der Regierung, de Wee vun der Ofännerung vum Code pénal fueren. Wann dann iwwerhaapt Handlungsbedarf ass, da musse mer dat iwwer aner Mëttele maachen. Duerfir muss dee Projet do vun der Regierung zréckgezu ginn. Ech hoffen, dass de gesonde Mënscheverstand an net hei politesch Sturheet d'Iwwerhand behält an deem doten Dossier. Affaire à suivre.

Anstatt also haaptsächlech mat repressiven Texter den Uschäin ze gi vun enger Entschlossenheet, engem Law-and-order-Handelen, brauche mer méi wéi jee hei zu Lëtzebuerg, wéi an anere Länner an där doter Fro vu Sécherheet, e Policy mix. Mir brauchen also de richtegen Dosage tëschent Preventioun a Repressioun, tëschent Ursaachebekämpfung, Afferbegleedung, Ofschrecken, Bestrofen a Reintegréieren no enger Bestrofung.

Als Sozialiste wëlle mer eng Justiz a Strofpolitik, déi op kengem A blann sinn, weder um A vun der Preventioun, nach um A vun der Repressioun. Mir wëllen eng Strofprozessuerdnung, déi d'Affer an de Mëttelpunkt vun de Prozedure stellt. Mir wëllen eng Geriichtsorganisatioun an där d'Mediatioun, den Affer-Täter-Ausgläich, ausgebaut gëtt, systematesch duerchgefouert gëtt an och op Zivil- an Handelsaffären applizéiert gëtt. Eis Fraktiounskolleegin, d'Madame Err, huet eng Proposition de loi zu deem doten Thema abruecht.

Une voix.- Très bien.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Mir brauchen hei zu Lëtzebuerg en zentraalt, en nationaalt Sécherheetskonzept, net nëmme fir Groussdemonstratiounen a fir d'Présidence am Joer 2005. Mir brauchen en nationaalt Sécherheetskonzept wat opgebaut ass op der Iddi vun deene lokale Sécherheetspläng a Sécherheetskonzepter, wou mer all d'Acteuren, net nëmmen déi vum Polizeiapparat, mä wou mer d'Staatsanwaltschaft, d'Polizei an d'Acteurs sociaux um Terrain zesummebréngen a wou mer do diskutéieren, eng Table ronde maachen a gemeinsam en Aktiounsplang festleeën, mat engem Zäitplang a mat enger Opzielung vun de Mëttele wéi mer déi Objektiver, déi mer eis gesat hunn, ëmsetzen.

Mä dat gëtt et hei zu Lëtzebuerg net. Et gëtt hei zu Lëtzebuerg keng Zilsetzung an der Bekämpfung vun der Kriminalitéit, well een Angscht huet et géif een u sengen eegenen Ziler gemooss ginn. Et gëtt kee kohärent Konzept, eent iwwert dat ganzt Land. Et gi Verwaltungen, déi an hire Beräicher hir Aarbecht maachen. Et gi Gemengen, déi probéiere sech mat deem Problem erëmzeschloen, mä et gëtt keen an et gëtt näischt wat dat zesummebréngt.

Firwat gebraucht dës Regierung net dat formidabelt Instrument, wat se iwwert d'Gesetz vun 1999 kritt huet? Eis Inspection générale de la police, déi eigentlech outilléiert ass fir esou Aarbechten ze maachen, fir dat nationaalt Sécherheetskonzept kënnen opzestellen a mat allen Acteuren zesummen dann ofzestëmmen a gemeinsam ze probéieren dat duerchzesetzen.

Ech kënnt weiderfueren, an der Justiz ass et esou, dass mer och do, ähnlech wéi am Ëmweltberäich, eng ganz Rëtsch vu Projeten hunn, déi d'Regierung 1999 ugekënnegt huet an déi bis dato net do sinn an déi riskéieren aus Zäitmangel oder aus aneren Ursaachen definitiv net méi an dëser Period ze kommen. Wou bleift déi versprache Reform vum Jugendschutz? Wou bleift d'Ausweitung vun de Prozedure vun der Mise en état fir eng méi schnell Prozedur op de Geriichter ze hu bei den Handelsaffären? Wéi steet et mat der ugekënnegter Reform vum Awanderungsgesetz vun 1972? Also och am Justizberäich bleiwen nach vill onerledegt Projete vun dëser Koalitioun ze realiséieren, mä d'Zäit leeft hinne fort.

E lescht Wuert dann a mengen Ausféierungen zu de sougenannten institutionelle Reformen. Als eenzeg Neierung schéngt, dat ass mer kloer, de Médiateur nach virum Enn vun dëser Legislaturperiod kënnen ëmgesat ze ginn. Dat ass eng Iddi hannert där mir als Sozialiste stinn a wou och d'Madame Err an eisem Numm eng Proposition de loi zu deem Thema erabruecht huet a wou mer an der zoustänneger Kommissioun matgeschafft hu fir de Regierungsprojet ze verbesseren an ewechzekomme vun der Iddi fir de Lien ze maache mat der Petitiounskommissioun. Hei geet et ëm eppes Gesonnertes an der Mediatioun, a mir mengen dass mer elo e gudden Text hätten, esou dass mer iwwert deen och nach virun der Summerpaus ofstëmme kéinten, wann de Conseil d'Etat dat esou wëllt.

De Referendum an d'Volleksinitiativ sinn net nei. Si stinn an der Verfassung a si stinn am Regierungsprogramm vun 1999. Et wier natierlech gutt gewiescht, wann d'Regierung vläicht e bëssen éischter mat deem Text komm wier. Dann hätt si jo emol selwer kënne bei grousse Froe vun nationalem Intérêt préifen, ob se dann d'Vollek direkt zu esou Theme befreet. Et ass natierlech méi einfach dat ganz zum Schluss ze maachen, dann ass ee selwer ni konfrontéiert mat der Applicatioun vun den eegenen Texter.

Et stellt sech do d'Fro, ob een net zum Beispill déi nei europäesch Verfassung sollt vun hirer Wichtegkeet hier dem Bierger virleeën an och hei zu Lëtzebuerg eng Ofstëmmung doriwwer maache sollt. Dat géif eng ganz aner Legitimitéit ginn. Och dat ass, mengen ech, haut an eisem Rechtsrahme méiglech.

Wat mech e bësse beonrouegt bei deem Projet de loi - mir haten natierlech net d'Zäit fir dat genau duerchzegoen, well e jo eréischt virun zwee Deeg deponéiert ginn ass -, dat ass dass mer et esou schéngt wéi wann an eenzelne

Passagen de Wee vum Referendum eigentlech méi restriktiv gehandhabt gëtt wéi dat haut méiglech wär ouni Text. Bis elo war et zum Beispill ëmmer méiglech, dass d'Chamber mat einfacher Majoritéit décidéiert e Referendum iwwer eng bestëmmte Fro ze maachen. An Zukunft muss een eng Zweedrëttelmajoritéit fir dat hunn. Dat ass also net eng Ausdehnung vum Referendum, mä et ass eng Aschränkung vum Referendum par rapport zu haut.

Et muss een och genau préifen, ob dee Filter iwwert d'Propositions de loi net e Filter ass, deen ze wäit geet, well dee fënnt een och an anere Länner net erëm, an ob een do net awer och kënnt iwwer aner Froen, déi net onbedéngt d'Form vun enger Proposition de loi anhuelen, iwwer Volleksinitiativ oder Referendum befannen. Do ass nach vill Sputt, mengen ech, fir Diskussioun a mir wäerten eis mat vill Freed un där Diskussioun do bedeelegen, well dat do och e Punkt ass, dee mir an eisem Wahlprogramm stoen haten.

Mä och do, mengen ech, kënnt een net ëmhin, ähnlech wéi ech dat gemaach hunn am Beräich Ëmwelt, am Beräich Sécherheet, Justiz an elo am Beräich vum Statsministère, ze soe wou dann aner Reforme sinn. Et huet een den Androck elo wierklech kritt wéi wann d'Tiräng total eidel wieren an der Regierung, an ech froe mech wat mat deenen anere Punkte geschitt, déi 1999 mat groussem Hallo ugekënnegt gi sinn a wou een nach weider net gesäit wéi et esou richteg virugoe soll. Wéi ass et mat där grousser globaler Verfassungsreform, déi, ech erënneren drun, iwwer Referendum de Leit virgeluecht gi sollt?

Mir komme ganz lues viru mat allen Efforten, déi mer maachen. Eng wierklech grouss a komplett Reform gëtt et sécherlech och an dëser Legislaturperiod net. Och deen dote Punkt wäert vun dëser Koalitioun net realiséiert ginn.

Wou ass dat famoust Ministeschgesetz, wou besonnesch de Premier net midd ginn ass zënter laange Joren dovunner ze schwätzen, wou awer nach ëmmer näischt um Pabeier ass a wou och näischt wäert komme bis zum Enn vun dëser Legislaturperiod?

Wéi steet et mat dem Ausféierungsgesetz iwwert d'reglementaresch Befugnisser vun dëser Regierung, vum Grand-Duc, dat mer onbedingt brauchen, wa mer Rechtssécherheet an eisen Normen hei zu Lëtzebuerg wëlle kréien? Och do läit nach keen Text vir.

Wéi steet et mat där Iddi vum Regierungsprogramm vun '99 fir d'Conformitéit vun internationalen Traitéë mat der Verfassung duerch d'Verfassungsgeriicht préifen ze loossen, wéi d'DP dat anscheinend duerchgesat hat an der Regierung? Och do geet et ähnlech wéi mat den Agents municipaux, keng Spur. Déi Iddi ass definitiv begruewe ginn.

An dësem Beräich gesäit ee wéi an anere Beräicher, ech misst soe wéi an alle Beräicher, dass d'Regierung nëmmen hallef Aarbecht gemaach huet, dass se awer scho 4/5 vun hirer Zäit ofgesat huet. Mol hir eege Verspriechen huet se nëmmen deelweis gehalen. Wann dat de Reformwëlle vun dëser Koalitioun soll beleeën, dann ass se dee Beweis do schëlleg bliwwen. Dee Beweis do bleift se dem Land definitiv schëlleg, och am nächste Joer.

Merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Nächsten Orateur ass den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a senger Analys iwwert den Zoustand vun eisem Land huet de Statsminister e groussen Akzent op déi wirtschaftlech Situatioun geluecht. Falsch wier et mat Sécherheet an enger Period vu manner Wuesstum elo ze panikéieren, falsch wär et natierlech och fir dee momentane wirtschaftleche Réckgang ze ignoréieren. D'Fro ass natierlech, ob mer an enger struktureller oder enger konjunktureller Schwächt eis befannen. Mä esouguer bei den Ekonomiste ginn d'Meenungen auserneen an d'Wourecht wäert wéi ëmmer an der Mëtt leien.

An enger oppener Ekonomie ass et awer souwisou noutwenneg, dass ee permanent en oppent A fir d'Zukunft huet. Duerfir ass et wichteg, an dat ass och schonn hei an deene leschten Deeg ugeklongen, dass mer eis Ekonomie esouwäit wéi méiglech diversifizéieren. Wann ee jo engem fréiere sozialistesche Spëtzekandidat fir d'Gemengewahlen a fir d'Chamberwahle gleewe kann, dann ass et jo esou, wéi wann deen heitege Wirtschaftsminister op deem Gebitt net vill realiséiert hätt. Dat sinn awer ouni Zweifel Onwourechten. Ech wëll net méi op déi Chifferen agoen, déi schonn hei analyséiert goufe vu verschiddene Säiten, mä ech sinn awer iwwerzeegt, dass se genau esou richteg si wéi déi, déi fréier opgestallt goufen.

Ech wëll awer trotzdeem emol aus Kreeser zitéiere vu Leit, déi wierklech d'Ekonomiepolitik aus dem Effeff kennen, an zwar hei en Auszuch aus dem Echo de l'Industrie, der FEDIL hirem Magazin, vun Oktober 2002: «Les efforts du Ministère de l'Economie pour le développement et la diversification de notre site industriel ont été poursuivis sans relâche durant les années écoulées. A une politique qui vise à attirer des nouvelles entreprises au Grand-Duché s'est ajoutée une action forte qui vise à promouvoir le développement endogène au Luxembourg.» Méi däitlech geet et jo awer net.

A grad als Süddeputéierte kann ee jo awer och am beschten novollzéie wéi versicht gëtt strukturell Änerungen an d'Wee ze leeden, déi net nëmme fir dës Regioun, mä doriwwer eraus fir d'ganzt Land ouni Zweifel wäerte vu ganz groussem Notze sinn. Et ass op dëser Plaz och schonn e puermol ugeklongen, wann et jo eng Regioun vum Land gëtt, déi an enger grousser Mutatioun ass, dann ass dat ouni Zweifel de Süde vum Land.

Duerfir mengen ech och, dass ee kann am Kader vun enger Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun méi e schaarfe Bléck op déi Regioun werfen. D'Fro muss natierlech gestallt ginn, wou steet de Süden? Wou steiert en hin? Wat fir eng Méiglechkeeten huet en?

Natierlech denkt een un éischter Linn un dee risege Chantier, dee besonnesch dës Regierung weider gedriwwen huet, an zwar dee vun de Friches industrielles, deen ouni Zweifel nei Impulser erfueren huet an deene leschte Joren.

Mir hunn e Gesetz iwwert den Etablissement public vu Belval-West gestëmmt. Net méi spéit wéi virgëschter ass jo och nach e Projet de loi hei déposéiert ginn, deen d'Acquisitioun vun Immeublen an Terrainen duerch de Stat virgesäit, an dat an der Héicht bis zu 85 Milliounen Euro. A terme soll jo de Stat en Drëttel vun der ganzer Capacitéit vun de Frichen op Belval-West kréien. Déi strukturell Defiziter vum Süden, an deelweis deementspriechend och vum Land, kënnen also hei zu engem gudden Deel opgefaange ginn.

Am Raum Esch-Belval sinn ouni Zweifel an deene leschte Joren déi richteg Jalonë gesat ginn. D'Tatsaach, dass jo och privat Investisseuren elo sech ugemellt hu fir do nei Siten ze implantéieren, fir sech do wirtschaftlech nidderzeloossen, ass jo och de beschte Beweis, dass en neit Vertrauen am Süden amgaangen ass ze entstoen.

De Statsminister huet a senger Ried gesot: Nei Industrieusiedelunge mussen ëmweltschounend sinn, manner Land verbrauchen a manner personalintensiv sinn. Dat ass eng Ausso, déi mer als Demokratesch Partei nëmme kënnen ënnerstëtzen. Dat sinn Aussoen, déi u sech e Kärsteck vun enger moderner Industriepolitik duerstellen. D'Frichë bidden ouni Zweifel den ideale Kader fir esou e Konzept ëmzesetzen. A well d'Industrie Plaz brauch, ass jo och décidéiert ginn, dass d'Regierung den Éilerenger Crassier opkeeft, fir do nei Industriezonen auszeweisen.

Wa mer natierlech vun den Erschléissunge vun de Friches industrielles fir wirtschaftlech Aktivitéite schwätzen, da musse mer selbstverständlech awer och e Wuert iwwert d'Transportinfrastrukture verléieren. Engersäits ass et wichteg, dass déi Betriber, déi sech do nidderloossen, dee beschtméiglechsten Accès kréien. Op där anerer Säit muss een awer och drop hiweisen, dass hei bis zu 20.000 Leit wäerten eng nei Aarbecht fannen, an dass och déi e Recht hunn op gutt Zuch- a Busverbindungen. Dowéinst ass et wichteg, dass d'Ubannung vun de Frichen un den öffentlechen Transport viru gedriwwe gëtt.

Esou wëll ech op eng aner Initiativ och nach hei hiweisen, déi de Wirtschaftsminister Henri Grethen kierzlech geholl huet, dat ass d'Créatioun vu Pépinières d'entreprises op Belval-West, wou jo sollen an engem Zäitraum bis d'Joer 2012 ronn 30 Entreprisen implantéiert ginn. Och wann de Moment vläicht net vill vun deenen anere Siten am Süde geschwat gëtt, esou däerf een awer net vergiessen, dass déi och e gewëssenen Interessen duerstellen. Ech denken zum Beispill un d'Areal, dat Esch mat Audun-le-Tiche a Russange verbënnt, den Déifferdenger oder de Monnerecher Tipp, oder un der belscher Grenz um Fouss vum Tëtelbierg de Site Rodange. Dës Sitë sollen och net vergiess ginn.

Et ass ee sech natierlech bewosst, dass an deenen nächste Joren immens Zomme mussen investéiert gi fir déi eenzel Siten hei ze erschléissen. Et geet jo Rieds vun 1,5 Milliarden Euro, déi an deenen nächste 15 bis 20 Joer hei mussen investéiert ginn. Dat ass natierlech ouni Zweifel en enorme Montant, mä wa mir awer wëllen eng geséchert Zukunft fir de Bassin minier hunn, an dat wëlle mir als Demokratesch Partei, dann ass et noutwenneg dass een zu dësem Zäitpunkt déi Investissementer virhëlt. Natierlech stellt sech dann d'Fro, wann déi ordinär Moyenen net méi duergi fir hei ze investéieren, ob een net muss Recours gegebenenfalls op Emprunten huelen. De Statsminister huet dat jo och net ausgeschloss. Ech mengen, et soll een dat Thema ouni Zweifel undiskutéieren. Wann nämlech hei Investissementer iwwer eng Generatioun eraus gemaach ginn, dann ass et mat Sécherheet och berechtegt, dass een erëm Recours op Empruntë mécht. Ech wëll och hei nach eng Kéier ënnersträichen, dass de Lëtzebuerger Stat ab dem Joer 2007 keng Schold méi huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Süddeputéierten ass een natierlech och ganz zefridden iwwert déi nei Projeten, déi elo décidéiert gi sinn, wat d'Schinneninfrastrukturen ubelaangt. Mir hunn dat jo hei de leschte 14. Mee gemaach.

Ech wëll nach eng Kéier un déi ambitiéis Projeten erënneren, Här Di Bartolomeo, an déi wäerten Iech jo mat Sécherheet awer och zefridde stellen, ënner anerem ass dat och am Intérêt vun Ärer Stad mat der Verlängerung bis op Volmerange, mat dem Bau vun engem Parking, dass d'Frontaliere kënnen do den Zuch dann huelen a gemittlech op hir Aarbecht fueren.

Och déi Mériter soll een hei nach eng Kéier ënnersträichen, an net ëmmer esou pauschal soen, wéi wann um Niveau vum öffentlechen Transport näischt géing geschéien. Wann Är Wirtschafts- an Transportministeren nëmmen hallef esouvill gemaach hätte wéi deen heitegen Transportminister, da bräicht deen net esouvill Nohuelbedarf opzeschaffen.

***(Interruptions)***

Neen. Déi legislativ Aarbecht ass ëmmer eng ganz wichteg Aarbecht. Dat ass den éischte Schratt, dee muss realiséiert ginn, an dat hätt Dir scho laang kéinte virdru maachen, mä Dir hutt et net gemaach, an den Henri Grethen huet awer elo mol alles nogeholl. An dat ass och gutt esou.

***(Hilarité)***

Une voix.- Dir laacht souguer selwer driwwer.

M. Gusty Graas *(DP).*- Neen, ech laache guer net driwwer, well et ass ganz eescht an et kann een et nëmme begréissen, dass elo mol endlech um infrastrukturelle Plang eppes Seriöses geschitt. Well nieft deem Projet, deen ech elo gesot hunn, d'Verlängerung vun Diddeleng op Volmerange, däerf een och net vergiessen, dass eng Verdueblung vun der Linn vu Péiteng an d'Stad kënnt an et kënnt och eng drëtt Streck, kann ee soen, Zoufftgen-Lëtzebuerg, wat jo mat Sécherheet och wäert derzou bäidroen, dass net nëmmen de Wuerentransport ka verstäerkt iwwert d'Schinn lafen, mä dass och kënne méi Leit vum Zuch profitéieren.

Da muss een och feststellen, dass um Niveau vun de Schoulinfrastrukture scho munches fir de Süde geschitt ass. Ech erënneren drun, dass hei d'Décisioun geholl ginn ass fir en neie Lycée technique Mathias Adam zu Péiteng ze bauen, wou iwwregens menge leschten Informatiounen no déi administrativ Aarbechten elo esou lues ofgeschloss sinn, esou dass och do mam Bau kann ugefaange ginn.

Da muss een och nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer hei décidéiert hu fir en zweet Gebai fir den technesche Sekundarunterrecht zu Esch ze realiséieren.

Natierlech kann een awer och net verheemlechen, datt et eng Rei vu Suerge selbstverständlech och nach um Niveau vun dem Süden an eisem Land gëtt. Ech denken hei un éischter Linn un de Stroosseverkéier, a wann ee Stroosseverkéier seet, dann huet een och direkt de Reflex fir un eisen Autobunnsréseau ze denken, virun allem natierlech un d'A3, déi sougenannten Diddelenger Autobunn, obwuel een och do soll relativéieren, an ech kann dat roueg hei aus Erfahrung soen, een deen d'Autobunn praktesch all Dag notzt, zu alle Stonnen, och zu de Spëtzestonnen, kann awer mat rouegem Gewëssen hei soen, datt een déi Situatioun net soll dramatiséieren. Selbstverständlech gëtt et eenzel Kniet, mä gesamt gesi soll een awer net ze vill a Panik verfalen.

Op där anerer Säit bréngt dat awer eng Rei vu Problemer mat sech, well de Verkéier huet ouni Zweifel rapid zougeholl. Ech wëll nëmmen zwee Chifferen hei ënnerbreeden. 1996 goufen zum Beispill 2.910.859 Camionen an déi zwou Richtunge gezielt, an net méi spéit wéi am Joer 2000, also nëmme véier Joer duerno, ass dëse Chiffer schonn ëm 36% an d'Luucht gaangen. Dat heescht, deemools goufen 3.970.221 Camione gezielt. Do gesäit een also dat rasant Uwuessen, net nëmme vum Camionsverkéier, mä dat virun allem. Pointë ginn et virun allem a Richtung Frankräich, méindes an dënschdes, an a Richtung Belsch mëttwochs an donneschdes. Dee Problem do mécht sech natierlech virun allem op der Aire de Berchem bemierkbar, wat oft zu ganz geféierleche Situatioune féiert. An ech muss och hei leider nach eng Kéier un dee schwéieren Accident erënneren, deen d'lescht Joer den 3. Juli geschitt war, wou net manner wéi dräi Leit matenee leie bliwwe sinn. Mä dat huet virun allem seng Erklärung, eben och well eng Rei vu Camionschauffere sech net genéiere fir praktesch op der Autobunn ze stationéieren, fir ze waarde wéini dass se dann op déi Aire bäikommen. Dat bréngt natierlech mat sech, datt eng immens geféierlech Situatioun do entstanen ass, an dofir ass et ëmsou méi luewenswäert, dass de Moment amgaangen ass eng Rei vun Adaptatiounsaarbechte virzehuelen, fir dass déi geféierlech Situatioun do soll entlaascht ginn.

Op där anerer Säit bréngt natierlech dee ganze Verkéier, besonnesch fir déi uliegend Uertschaften, eng Rei vu Problemer mat sech, un éischter Linn natierlech de Kaméidi. Ech denken hei un Uertschafte wéi Beetebuerg, wéi Peppeng, wéi Léiveng, wou zwar an der Zäit eenzel Lärmschutzfelder installéiert goufen, mä déi awer net effikass genuch sinn, an ech géing och hei vun der Geleeënheet profitéiere vläicht zousätzlech Efforten ze maachen, datt där Kaméidisquell do awer kann Anhalt gebuede ginn duerch d'Konstruktioun vun neie Lärmschutzfelder.

Awer och d'Escher Autobunn huet hir Problemer, bedéngt eben un éischter Linn duerch de Beruffsverkéier. Et ass also evident, datt der Verbindung tëschent Esch an der Stad och an Zukunft muss eng grouss Opmierksamkeet geschenkt ginn. Et kann een dofir d'Regierung nëmmen encouragéieren dee geplangtene Projet vun enger neier Schinneninfrastruktur tëschent Esch an der Stad Lëtzebuerg weider ze dreiwen. Et ass jo geplangt deementspriechend am Laf vun dësem Joer e Gesetzesprojet hei ze déposéieren, eng Moossnam déi mir, wéi gesot, nëmme kënne begréissen.

Et kann een also ënnert dem Strëch feststellen, datt enorm vill, virun allem um Niveau vum Süden, an den öffentlechen Transport investéiert gëtt, a wann eis finanziell Situatioun an Zukunft et net sollt erlabe sämtlech Projeten ze realiséieren, muss een natierlech gewësse Prioritéite setzen. Ech mengen awer déi Schinneverbindung tëschent Esch an der Stad Lëtzebuerg misst ënnert déi Prioritéite falen.

Wa mer vun der Liewensqualitéit am Süde schwätzen, da muss ee selbstverständlech awer och ee Wuert iwwert dat kulturellt Liewe verléieren. Do ass de Bau vun der Rockhal jo definitiv décidéiert ginn, wat ouni Zweifel am Intérêt vun deene Jonken ass, mä, Här Zanussi, dës Kéier ass emol en anstänegen an e richtegen an e gudde Projet décidéiert ginn. Och do hu mer missen als nei Majoritéit nobesseren, well Dir eben esou en halleffäerdege Projet op den Dësch geluecht hat, mä déi Jonk wëssen dat hei ze schätzen, dass se elo emol eng anstänneg Infrastruktur op deem Niveau kréien.

Da soll jo och e Centre national de la culture industrielle op de Frichen aménagéiert ginn. Ech wëll hei drun erënneren, dass d'Schmelz vu Belval an de Joren 1909 bis 1912 realiséiert ginn ass. Deemools ware sechs Héichuewe gebaut ginn, déi awer an de 70er an an de 60er Joren ofgerappt goufen, fir dann deenen dräi Héichuewen, dem A, dem B an dem C, Plaz ze maachen. Mir wësse wat mam C geschitt ass. Deen ass jo an den Osten, villméi a China verkaaft ginn. Den A an de B stinn nach do, an déi sollen och erhale bleiwen. Ech wëll hei drun erënneren, datt d'Chamber jo an zwou Motioune sech eestëmmeg dofir ausgesprach hat. Dat war de 17. Dezem-

ber 1996, an de 16. Juli 1998. An deem ganze Komplex soll dann och deen neie Centre entstoen. Domadder géing ouni Zweifel de Süden ëm eng méi räich kulturell Plaz zousätzlech interessant gemaach ginn. Mä ech mengen, mir sinn der Stolindustrie dat schëlleg, well et ass jo awer keng wirtschaftlech Aktivitéit déi de Minett esou gepräegt huet wéi ebe grad d'Stolindustrie.

Wann ee scho vu Kultur am Süde schwätzt, dann däerf een awer och net déi ganz interessant Initiative vergiessen, déi am Kader vum LEADER-Plus-Programm am Äischdall oflafen. Ech wëll och hei op eng Aktivitéit vun der A.s.b.l. Minettsdapp hiweisen, déi elo eng Anthologie erausgëtt iwwert d'Geschicht vun der Äerzgewannung am Süden. Dat sinn interessant Initiativen, déi sollen eis Ënnerstëtzung fannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dee klengen Tour d'horizon duerch de Süde vun eisem Land beweist ouni Zweifel, datt dës Regioun nach vill Potenzialer huet, an dat hunn och déi zwielef Gemengen erkannt, déi sech jo elo an engem Syndikat zesumme gedoen hunn, de Pro-Sud. En passant wëll ech dem neie President félicitéieren, an ech encouragéieren en dat Wierk, wat elo ugefaange ginn ass a wat jo och vun de Gemenge wohlwollend ënnerstëtzt gëtt, gutt an d'Realitéit ëmzesetzen. Ech mengen, hei bitt sech de Gemenge virun allem eng interessant Chance fir zesummen déi Regioun an der Zukunft nach besser ze valoriséieren.

Ech kommen awer net derlaanscht ofschléissend nach op ee Punkt hinzeweisen, dee mir perséinlech elo vläicht net esou gefält, wann een de Süde méi genee analyséiert, an do geet et virun allem ëm d'Qualitéit vun eise Baachen a Flëss, déi sech leider an engem mëttelméissege bis zum Deel schlechten Zoustand befannen. Ech denken un d'Uelzecht, ech denken un d'Diddelenger Baach, ech denken un d'Mess an et kënnt een der nach e puer opzielen, d'Kar ass dat op Lëtzebuergesch. Ech wär also frou, wann hei nach géifen zousätzlech Efforte gemaach ginn duerch de Bau, respektiv d'Moderniséierung vun de bestehende Kläranlagen. Mir hunn zwar zu Schëffleng e groussen Effort gemaach, a wann déi bis definitiv a Betrib ass, misst d'Situatioun sech verbesseren. Ech wëll op där anerer Säit awer drop hiweisen, dass eng Kläranlag wéi déi Beetebuerger zum Beispill hoffnungslos iwwerlaascht ass. Virun allem awer och duerch déi zwou Benzinsstatiounen, well dat soll nëmmen niewebäi hei gesot ginn, datt net manner wéi 27.000 Leit den Dag déi Infrastrukturen do benotzen, an dat huet natierlech e gewëssenen Impakt op déi bestehend Kläranlag. Ech weess zwar, dass do schonn amgaange sinn eng Rei Efforte gemaach ze ginn, mä et ass wichteg dass mer do verstäerkten Investissementer maachen, fir eben och dee Problem an de Grëff ze kréien.

Onofhängeg wéi gesot vun deem leschtgenanntene klenge Schéinheetsfeeler kann ech allerdéngs d'Regierung nëmmen encouragéieren déi Politik weider ze développéieren, déi se de Moment an d'Wee geluecht huet fir de Süden. Da sinn ech och iwwerzeegt, dass dës Regioun vum Land eng geséchert Zukunft huet.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Graas. Nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung, d'Patronat an d'Gewerkschaften OGB-L an LCGB weise sech zefridden iwwert d'Ausso vum Här Statsminister zur Lag vun der Natioun. Do kann een nëmme soen, et pour cause, schliesslech hunn déi Dräi jo awer à la manière des trois mousquetaires, un pour tous, tous pour un, dat meescht zesummen an der Tripartite gemauschelt wat de Steierzueler muss bezuelen.

Här President, am Kader vun dëser Diskussioun erlaben ech mer op e puer Punkte méi speziell anzegoen, déi vläicht hei am groussen Débat iwwert d'Wirtschaftsperspektiven a géigesäitege Virwërf net esou zum Virschäi komm sinn, awer dozou gehéiere wann et ëm d'Gesamtbild vun eiser Natioun geet.

Déi Punkten, déi ech uschneide wëll, sinn d'Asyl- an d'Awanderungspolitik, Sécherheet, Drogepolitik, Lounpolitik, awer och d'sozial Ofsécherung. Ufänke wëll ech mat der Asylpolitik, wou hei net allze vill Wierder verluer gaange sinn, déi awer hir Wichtegkeet huet, wa mer iwwert d'Lag vun eisem Land an d'Zukunft schwätzen. Et ass bedauerlech, datt d'Asylpolitik meeschtens nëmmen dann an d'Gespréich kënnt, wa mat spektakulären Aktioune versicht gëtt eng Ausweisung vun engem Asylant ze verhënneren, wat awer net wëllt heeschen datt an den zoustännege Gremien net seriö un enger verbesserter a besonnesch un enger mënschlecher Asylpolitik geschafft gëtt. Mä egal wéi een d'Asylpolitik och hei am Land wëllt verbesseren a méi mënschlech wëllt gestalten, bleift awer bei all Ausweisung e batteren Nogeschmaach. Et mécht bestëmmt kengem Spaass eng Ausweisung ze ordonnéieren, mä déi national an international Konventiounen iwwert d'Asylpolitik mussen awer applizéiert ginn.

Et ass leider nun emol esou, dass mer net jiddferee kënnen hei am Land halen, och wa mer dat géife wëllen. Mir hunn eng Regulariséierungsprozedur agefouert mat där mer all deene Persounen, déi länger hei am Land ouni déi néideg Pabeiere gewunnt a geschafft hunn, d'Méiglechkeet vun enger Regulariséierung vun hirer Situatioun opgemaach hunn. Vun 2.894 Demandeuren hunn der 1.839 eng provisoresch Openthaltsgenehmegung kritt, 297 sinn der en attente a 650 sinn der refuséiert ginn, well se d'Bedingungen net erfëllt hunn.

Et ass hei beschloss ginn, dass et nëmmen eng eemoleg Regulariséierungsprozedur géif ginn an dozou steet den ADR och. Et ass dofir onverantwortlech, dass elo scho vu verschidde Säiten eng zweet Prozedur verlaangt gëtt, an dass deene betraffene Leit domadder falsch Hoffnunge gemaach ginn. Et ass awer esou, dass weider ëmmer nach Persounen hei an d'Land erakommen. 2001 hate mer 3.311 Demandeurs d'asile an 2002 2.649, laut dem Statec. Dat sinn der vill méi wéi der erëm zréck an hir Heemecht ginn, ob fräiwëlleg oder net.

Wann déi 6.000 Demandeurs d'asile awer entspriechend Demandë gemaach hunn, da behale mer se eng Zäit laang hei am Land bis d'Prozeduren ofgeschloss sinn. Dat féiert da meeschtens dozou, dass si Bindungen hei kréien, sief et andeem hir Kanner hei an d'Schoul ginn oder Frëndschafte fannen. Wann hir Openthaltsdemande awer ofgewise gëtt entsteet natierlech e mënschlecht Drama, wa se net wëlle fräiwëlleg an hiert Heemechtsland zréckgoen a mussen ausgewise ginn. Datt et zu mënschlechen Drame kënnt ass net dem Justizminister oder den Uerdnungskräften hir Absicht oder hir Schold. Persounen, déi Asyl beantragen, gi ganz genau iwwert d'Prozeduren opgeklärt an hu meeschtens en Affekot deen hinne genau soe misst, wat se ze erwaarden hunn.

Zum Deel sinn och déi Organisatioune mat schold, déi mat hiren oft extremen Optrëtter an hire falsche Verspriechen deene Leit méi Schued maache wéi se hinnen hëllefen. Anstatt e seriöe Konsens mam zoustännege Minister ze siche wéi een déi gesetzlech a konventionell Dispositiounen iwwert d'Asylpolitik kënnt an aller Serenitéit iwwert d'Bühn brëngen, maachen all extrem Aktiounen de Gruef, fir e seriöe Konsens an der Asylpolitik ze fannen, méi grouss. Ech ginn de Verdacht och net lass wéi wann do e bëssen am Interesse vun enger gewësser Politik gehandelt gëtt. Op där anerer Säit ginn ech awer och d'Gefill net lass, dass déi Hardlinerpolitik sécherlech och wahltaktesch Hannergedanken huet.

Här President, d'Asylpolitik muss an aller Serenitéit an ouni Tabu iwwerduecht ginn, well all Mënsch deen hei an d'Land kënnt, mat der Hoffnung fir hei ze bleiwen ouni awer déi virgeschriwwe Bedingungen ze erfëllen, eng Tragedie erlieft, wann dës Dreem platzen. Dofir ass et wichteg, dass all Demandë vu Säite vum Stat esou schnell wéi méiglech evakuéiert ginn. Et muss och endlech versicht ginn den Zougang an eist Land ze reguléieren. Am Accord vun Dublin iwwert d'Asylpolitik steet, dass dat Land, wou den Asylbewerber fir d'éischt an d'EU agetratt ass, och zoustänneg ass fir seng Demande.

Zu Lëtzebuerg kënne mer nëmmen zoustänneg si fir déi Asylbewerber, déi iwwer eise Flughafen an d'Land kommen, well dat ass déi eenzeg Aussegrenz déi mer nach hunn. All déi aner missten also nom Accord vun Dublin direkt an dat Land zréckgeschéckt ginn, wou se fir d'éischt Fouss um europäesche Buedem gefaasst hunn. Wa mer et géife fäerdeg brëngen d'Dispositioune vum Accord vun Dublin ze applizéieren, da géife mer hei am Land ganz sécher net méi mat villen Asyldemandë befaasst ginn. Och Europa muss sech eng gemeinsam Asylpolitik gi fir endlech iwwerall kloer a mënschlech Verhältnisser ze schafen.

Här President, et ass awer net nëmmen d'Asylpolitik oder d'Awanderungspolitik, déi mech beonrouegt, mä och e bëssen d'Erweiderung vun Europa, well ech der Meenung sinn, dass mer eis no 2002 méi Gedanken iwwert den Outsourcing vu Produktiouns- a Betribsunitéiten an déi nei EU-Länner maache musse wéi iwwert d'Awanderung. D'Berliner Mauer ass sécherlech net wéinst de Mënsche gefall, mä wéinst der Ekonomie.

D'Ekonomie drängt awer ëmmer dohinner, wou se am bëllegste produzéiere kann an dee gréisste Benefiss maache kann. An dat ass nun emol do, wou d'Sozialnetz am schwaachsten ass a wou nach fir Hongerléin geschafft gëtt. Dofir ass meng Begeeschterung fir d'EU-Erweiderung net esou grouss, well ech der Meenung sinn, dass obwuel déi Bäitrëttslänner vläicht déi ekonomesch Bedingungen erfëlle fir de Bäitrëtt an Europa hir sozial Ofsécherung awer sécherlech nach wäit hannendrun hippt, wat eng zweeschneideg Konsequenz hu kann: engersäits d'Auswanderung vun hirem Salariat an déi gutt gestallten EU-Länner an anersäits den Outsourcing vun de Produktiouns- a Betribsunitéiten no deenen neien EU-Länner, well do d'Produktioun wéinst Manktum u Sozialstatus méi bëlleg gëtt. Do muss vun der Politik reguléiert ginn, well soss riskéiert dat Europa vun de 15 mat deene Problemer konfrontéiert ze ginn, déi déi nei Bäitrëttslänner säit Jorzéngte kennen.

E weidere Punkt, Här President, deen ech uschneide wëll, ass d'Sécherheet hei am Land. Problemer, déi sech hei am Land stellen am Zesummenhang mat der Sécherheet, si villfälteger Natur. Mir ginn och an der leschter Zäit méi oft konfrontéiert mat Sécherheetsproblemer, déi importéiert ginn duerch international Evénementer, wourobber mer esou gutt wéi keen Afloss hunn.

Den Här Statsminister huet sech a senger Deklaratioun mam Phenomeen vum Terrorismus beschäftegt an och eng Reorganisatioun vum Geheimdéngscht ugekënnegt. Och den Här Bausch huet sech mat der Kriminalitéit an dem Terrorismus beschäftegt, awer e bëssen nom Motto „l'enfer, c'est les autres". Och wann een den Nährbuedem vun der Kriminalitéit an dem Terrorismus zum Deel kann am sozialen Noutstand sichen, esou däerf een awer domadder déi kriminell Acteuren net déculpabiliséieren.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Dat huet den Här Bausch jo och net gemaach.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech hat den Androck awer wéi wann den Här Bausch iergendwéi a Richtung vun enger gewësse Politik wéilt d'Scholdzouweisung an eng aner Richtung dränge wéi dohin, wou se wierklech higehéiert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, wann ech glift!

M. le Président.- Här Jaerling, sidd Der d'accord, dass den Här Huss eppes dozou seet?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ma selbstverständlech, ech léieren ëmmer gäre bäi.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Ech mengen, Här Jaerling, Dir hutt den Här Bausch gëschter, esou wéi Dir dat elo hei sot, falsch verstanen. Den Här Jaerling huet hei just d'Regierung kritiséiert…

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Den Här Bausch, well ech géing mir dat ni erlaben.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Pardon, den Här Bausch. Den Här Bausch huet hei d'Regierungspolitik just kritiséiert andeem hie gesot huet, datt dat, wat hei als Sécherheetspolitik presentéiert ginn ass, eesäiteg wier. Dat heescht, dass et nëmme konzentréiert wier op d'Sécherheetskräften an op d'Repressioun, wou mir net dergéint sinn, den Här Bausch huet dat och gesot, mä wou hie gesot huet, dass dee preventive Moment ganz do dobäi feelt.

Dat huet hie kritiséiert an hien huet bei der Preventioun ënner anerem higewisen op méiglech sozial Ursaachen, déi net déi eenzeg sinn. Hien huet déi zwou betount an hien huet den Equiliber versicht duerzestellen, wou hien d'Regierungsparteie kritiséiert huet, dass si nëmmen deen ee Volet géife gesinn. Mir mengen, fir d'Kriminalitéit ze bekämpfen, muss een och d'Ursaache bekämpfen, an déi leien deelweis a sozialen, a kulturellen an och a soziologeschen Entwécklungen. Et muss een déi zwee gläichgewiichteg gesinn.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech hat awer éischter den Androck wéi wann den Här Bausch den Akzent méi an eng aner Richtung higedrängt hätt wéi an déi, déi Dir elo gesot hutt.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Dann hat Dir e falschen Androck.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Bon, den Här Bausch huet och laang geschwat.

M. le Président.- Fuert Dir weider, Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Déi nei Aarte vu Geforen, déi op eist Land zoukommen, sinn op jidde Fall méi stramm organiséiert wéi dat wat mer bis elo kannt hunn a si sinn net nëmmen dofir och vill méi geféierlech. Si sinn ëmsou méi geféierlech, well se eng fanatesch a mënscheveruechtend Astellung hunn, déi hinnen duerch eng fundamentalistesch, integristesch an ideologesch Gehirwäsch vu klengem un agetrotert ginn ass. Dat ass eng grouss, net ze veruechtend Gefor op déi mer eis, ob mer wëllen oder net, musse virbereeden, mä wou mer awer do derniewent net déi direkt a permanent Sécherheetsproblemer dierfen aus den Ae verléieren.

Wa mer hei am Land, grad wéi an allen anere Länner, eng hauseege Kriminalitéit an Delinquenz haten an och nach hunn, esou ass et awer säit 1989 kloer ze vermierken, dass mer ëmmer méi importéiert an domadder ëmmer méi brutal Kriminalitéit an eist Land kréien. Dass an eisem Prisong ëm déi 60% Auslänner sëtze beleet dat, wat ech elo grad gesot hunn. Och um Parquet gi gréisstendeels auslännesch Delinquente virgelueden, wat schonn Ursaach genuch ass doriwwer eeschthaft nozedenken an ze versichen do entgéint ze wierken.

Zumools wa mer ëmmer méi ferme konfrontéiert ginn - och wann dat anscheinend hei en Thema ass, wat kee kloer uschneide wëllt - mat russeschen, albaneschen a jugoslawesche mafiéisen Organisatiounen, déi am Beräich vu Proxénétismus, Drogenhandel, Racket an allem wat do drun hänkt operéieren, souguer am Ausstelle vu falsche Pabeiere fir d'Immigranten. Do dergéint kënnt eis Polizei leider net un, well se zum Deel ënnerbesat ass, mä awer och well all déi international Kriminalitéitsorganisatiounen hir am technologesche Beräich 10 Joer viraus sinn.

Zur Diskussioun iwwert d'Sécherheet gehéieren awer och déi Evénementer, déi elo an der lescht hei am Land stattfonnt hunn an déi et an där Form och nach gi sinn. Ech schwätzen do vun der Tankstellebesetzung an hire Folgen, mä awer och vun deenen Aarbechtsmanifestatioune virum Site vun der Arcelor.

Fir mech war d'Tankstellebesetzung illegal, well se manifestement eng Rei Gesetzer verletzt huet a just nëmmen deene klengen Exploitanten an hirem Personal geschuet huet, mä déi Pëtrolsgesellschaft, déi viséiert war, huet se sécherlech guer net getraff.

Et geet hei net nëmmen ëm dee klenge Bäcker, deen dru gehënnert gëtt säi Brout ze baken, wéi den Här Statsminister gesot huet, et geet hei och ëm den Artikel an eiser Verfassung, deen d'Recht op Aarbecht garantéiert an e fräit Recht op d'Ausübe vun enger kommerzieller Aktivitéit. Dëst Recht ass duerch d'Besetze vun den Tankstelle manifestement verletzt ginn. Wann de Betrib muss zougemaach ginn, well duerch äusserlecht Awierken de Salarié heemgeschéckt gëtt well hie seng Aarbecht net maache kann, dann ass dat eng Verletzung vu sengem Recht op Aarbecht. Et ass sécherlech net Greenpeace dat deene betraffene Salariéen hir verluere Schicht bezilt, déi eng Rei vu Salariéen emol net bezuelt kritt hunn, well se heemgeschéckt gi sinn.

Manifestatiouns- a Streikrecht: jo, Meenungs- a Pressefräiheet: jo, awer no legale Bestëmmungen an ouni Verletzung vun aneren hire Rechter, mä do wäerte mer jo am Kader vun deem ominöse Gesetz Lex Greenpeace drop zréckkommen, wou ech awer genau wéi den Här Statsminister der Meenung sinn, dass ee kee Gesetz wéint enger Organisatioun däerf maachen, mä e Gesetz wat déi fräiheetlech an d'Verfassungsrechter schützt an do dernieft awer all anarchistesch Aktioun verhënnert.

Här President, wat elo d'Manifestatioune bei Arcelor ubelaangt, déi den Här Statsminister hei ugeschnidden huet, sinn ech awer net senger Meenung, dass d'Lëtzebuerger Gewerkschafte verantwortlech gehandelt hunn, wéi se beschloss hu sech net ze bedeelegen, a scho guer net de President vun där schéinster a gréisster Gewerkschaft hei am Land. Menger Usiicht no hätten déi Verantwortlech vun de Gewerkschaften, och déi lëtzebuergesch, éischter mis-

sen an der éischter Rei vun där Manif trëppelen an domadder verhënneren, dass d'Casseurë sech virdränge konnten. D'Lëtzebuerger Gewerkschaften hätte missen zesumme mat der Polizei, esou wéi dat hei am Land üblech ass, dës Manif organiséieren, a si kënnen dat, well mir hate scho Maniffe vun 30.000 Leit hei am Land, wou och auslännesch Gewerkschafte bedeelegt waren, a si hunn dat problemlos iwwert d'Bühn kritt.

D'Lëtzebuerger Gewerkschaftsführung a besonnesch de President vum OGB-L musse sech de Virworf gefale loossen, dass si déi international Solidaritéit am Kampf géint déi neoliberal Wirtschaftspolitik vun de Multië verroden hunn, an och net méi brauchen op déi international Solidaritéit ze hoffen, wann hei am Land den Ofbauprozess weider geet, an ech si sécher, dee geet weider.

Et ass eng aarmséileg Entschëllegung, wann ee selwer un enger Manif net wëllt deelhuelen, d'Argument ze gebrauchen, et wéilt ee seng Memberen net a Gefor bréngen. Et ass onverständlech, dass eise Stolaarbechter Angscht gemaach ginn ass virun hiren auslännesche Stolkolleegen. D'Gewerkschaftsbossen aus dem Land hätte missen an der éischter Rei goen a weisen, dass se sech net vun eventuelle Casseurë vun hirem friddlechen Asaz géint déi neoliberal Wirtschaftspolitik vun de Multien ofhale loossen. An et ass och bestëmmt net ubruecht, Här Statsminister, e Gewerkschaftspresident hei ze luewen, dee sech alles anescht wéi verantwortungsbewosst beholl huet, en OGB-L-President, deen no der Manif vum 17. Abrëll 2003 öffentlech uklénge gelooss huet, déi belsch Gewerkschaften hätten d'Casseurë quasi engagéiert. Dat ass eng onverschimmt Ënnerstellung, well de Justizminister huet matgedeelt, dass et sech bei de Krawallaktivitéiten ëm e puer isoléiert Chaote gehandelt hätt an dass keng Erkenntnisser géife virleien, déi op eng Implikatioun vun de belsche Gewerkschafte géifen hindeiten.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dir wiert vill méi kleng, wann Der e virun lech sëtzen hätt. Ech sinn iwwerzeegt dovun.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Ech mengen do iert Der lech, Här Di Bartolomeo, well ech war do wou hien hätt misse sinn, nämlech de 17. an de 25. op der Manif.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie*.- Här President, däerf ech den Här Jaerling froe wat hie gemaach huet fir déi Casseuren drun ze hënneren, déi schrecklech Saachen ze maachen?

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Jo, ech kann lech dat soen, d'Polizei ass esouguer Zeien dofir. Ech hunn engem oder deem aneren eng Eisestaang ofgeholl, ëm de Bok vum Gesiicht gezunn an der Police d'Staang iwwerginn. Geet dat lech duer?

Une voix.- All Respekt.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Ech hu keng Angscht viru mengen Aarbechtskolleegen aus dem Ausland.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie*.- Déi Casseurë wäerte jo awer net Är Aarbechtskolleege sinn!

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Ech schwätze vun den Aarbechtskolleegen, an ech hu meng Aarbechtskolleegen ënnerstëtzt, andeem ech versicht hunn déi Casseuren drun ze hënneren dat ze maachen, wat se gemaach hunn. A wann d'Lëtzebuerger Gewerkschaften hei an der éischter Rei gestanen hätten, da wären déi Casseuren net an déi éischt Rei komm. Datselwecht gëllt fir déi belsch Gewerkschaften. Déi haten eng gewësse Verantwortung ze droen, an déi hu se net iwwerholl. Ech wëll dat kloer gesot hunn an zéie meng Wierder och net zréck.

A wat den Här President vum OGB-L ubelaangt, hunn ech kee Problem fir mat deem Mann ze schwätzen. Dat hunn ech scho méi oft gemaach ënner véier Aen a mir waren eis ganz oft eens. Hie versteet och, wann een net mat him eens ass an e weess ganz genau, wann ech dat hei soen, wat ech domadder mengen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Elo lenkt Der an.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Ech lenken net an, Här Di Bartolomeo, ech hunn eng Kéier gefäert an do ass kee komm.

Den Här Statsminister huet hei d'Polizei gelueft wéint hirem exemplareschen Asaz bei der Arcelor-Demo a bei hiren aneren Aktiounen, an dat mat Recht. D'Police huet sech effektiv esouwuel de 17. wéi och de 25. Abrëll exemplaresch beholl a sech an enger éischter Phas esouguer äusserst passiv verhalen, esou wéi se dat opgedroe kritt huet. Exemplaresch ass och dass d'Police, wéi se eng ongerecht Festnahm erkannt huet, sech dofir entschëllegt huet. Entschëllegen hätte se sech awer och missen déi belsch Gewerkschaften, zumindest dunn, wéi se matgedeelt kruten, dass doduerch dass se de Casseuren de Virtrëtt gelooss hunn, Poliziste schwéier verletzt gi sinn. Et ass mer awer net bekannt, dass vu Gewerkschaftssäit iergend eng Entschëllegung komm wär.

Wa mer als Gewerkschaften, dat wëll ech hei kloer soen, hei am Land an um europäeschen Niveau et net méi fäerdeg bréngen, fir eis Rechter iwwert de Wee vu pazifisteschen Aktiounen a Maniffen anzekloen, da solle mer entweder keng Manif méi organiséieren, oder awer bereet si fir de Schued opzekommen, deen u privaten a staatleche Gidder verursaacht gëtt, wann deen direkte Schëllegen net kann ermëttelt ginn.

Här President, wat ech besonnesch bedaueren, dat ass dass an der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun d'Jugend an hir Problemer net ernimmt ginn ass. D'Schoulpolitik an déi deementspriechend Reformen, déi solle kommen, si 728-mol mindestens ugesprach ginn, ouni dass awer vill nei Akzenter erauszespiere waren. Den Här Statsminister huet hei ugekënnegt, dass de Schüler zousätzlech Computere géifen zur Verfügung gestallt ginn, wat selbstverständlech ze begréissen ass. Wann d'Schüler dann elo de Proffe bäibrénge wéi d'Computere fonctionnéieren, an d'Proffen et elo fäerdeg bréngen de Schüler Liesen, Schreiwen a Rechne bäizebréngen, da kënne mer der nächster PISA-Etüd berouegt entgéint kucken.

Wéi awer ass d'Gesamtwuelbefanne vun eiser Jugend? Sollte mer eis doriwwer net méi Gedanke maachen an emol analyséiere wéisou Jugendlecher aus der Gesellschaft versichen ze flüchten iwwert de Wee vu legalen oder respektiv illegalen Drogen an, esouguer schlëmmer nach, iwwert de Wee vu Selbstmord, woubäi ze bemierken ass, dass de Konsum vun Drogen, illegal oder legal, och eng Form vu Selbstmord ass. D'Agonie dauert just méi laang.

Obwuel d'Chiffre vun den Drogekonsumenten an den Affer bekannt sinn, an obwuel mer wëssen, dass d'Drogegeschäft e Véierel vum Weltwirtschaftsbudget ausmécht, fäerte mer nach ëmmer nei Weeër ze goen, fir dee Fléau an dee Maart effikass kënnen ze bekämpfen. Mir hu leider misse feststellen, dass all déi Mesurë vu Preventioun net esou gegraff hu wéi dat geduecht war an och d'Hëllefsdéngschter net vill derzou bäigedroen hu fir déi betraffe Krank vum Konsum ofzebréngen an och nëmmen e klenge Prozentsaz de Wee zréck an en normale Liewensoflaf fonnt hätt.

Et ginn och net déi wierklech Kriminell am Drogegeschäft appréhendéiert, well ee meeschtens net u se erukënnt, och wéinst enger politescher Protektioun, well soss wier et net méiglech dass d'Drogegeschäft sech weltwäit esou problemlos kéint weider entwéckelen. An och wann d'Force publique aus alle Länner heiansdo emol e grousse Fang mécht, esou ass dach gewosst dass net emol 10% vun deem confisquéiert gëtt, wat effektiv op den illegale Maart geschleist gëtt.

Wa mer wierklech Mënscheliewe wëlle retten, an dat ass jo sécherlech jiddferengem säin erklärtent Zil, da musse mer deen illegale Maart zerstéieren, an dat kënne mer nëmme wa mer e staatlech kontrolléiert proppere Maart dernieft opbauen, e Maart deen et erméiglecht de kranke Konsument um Liewen ze halen, fir him erëm eng Chance ze ginn en normaalt Liewen an der Gesellschaft ze féieren, eng Gesellschaft an där der Jugend awer och mussen Alternativen ugebuede ginn, fir dass se sech net nëtzlos a bevirmunt virkënnt, mä dass se en effektiivt existéierend Matsproocherecht an eiser Gesellschaft kritt, an dass hir eenzeg Alternativ net méi duerf sinn dass déi Betreffend vun enger Beschäftigungsmesure an déi aner flatteren, bis se al genuch si fir den RMG ze kréien.

Här President, e weidere Punkt dee mech stéiert, ass, dass esouwuel den Här Statsminister a senger Ried zur Lag vun der Natioun wéi och den Här Wirtschaftsminister a senger Ried bei der Ouverture vun der Foire erëm eng Kéier eng moderat Lounpolitik promouvéiert hunn. Dëst gëtt ëmmer erëm am Zesummenhang mat der wirtschaftlecher Compétitivitéit ausgesot, kann also nëmme fir de Privatsecteur gëllen, well ech kenne soss kee Secteur vun deem permanent Konkurrenzfäegkeet a Leeschtung gefuerdert gëtt, ausser vläicht nach dem Secteur um Krautmaart.

No all deene Cadeauen, déi d'Ekonomie bis elo gemaach krut, besonnesch am Steierberäich, an nodeem elo scho vun den Tripartistë säit Joren iwwert déi sougenannten national representativ an onverantwortlech Gewerkschaften eng moderat Lounpolitik am Privatsecteur applizéiert gëtt an d'Salariat gestriizt ginn ass, solle se elo nach weider ausgebeut ginn. Dat muss ophéieren, esou wéi och dat permanent Gebläers no méi Liberaliséierung vun den Öffnungszäiten, no méi Flexibilitéit, Beschneidung vun de Rechter vun de Personalvertrieder, Karenzzäite bei de Krankmeldungen oder esouguer d'Ofschafe vum Congé parental an och d'Indexofschafung.

Betriber, déi net konkurrenzfäeg sinn, sinn et meeschtens duerch eng schlecht Gérance vun hiren Affären a ganz bestëmmt net hei am Land duerch d'Aarbechtsrecht, d'Lounentwécklung oder eng Indexupassung.

Här President, den Här Statsminister huet och uklénge gelooss, dass ee misst en Equiliber fanne wat d'Finanzéierung vun de Krankekeesen ubelaangt, ouni dass awer dierfte Beitragserhéijunge kommen.

Wann et bei de Krankekeesen zu engem erneite kumuléierten Defizit géif kommen, wat gedenkt d'Regierung dann ze maachen, wa se keng Beitragserhéijunge wëll? Geet et da weider wéi bis elo? Gëtt d'Participatioun vun den Assuréë bei de Medikamenter, bei den doktesch Rechnungen a soss iwwerall nach weider erhéicht oder ass eng Verschlechterung vun de Leeschtungen ze erwaarden? Et missten hei e puer kloer Aussoen dozou kommen.

Si mer um Wee vun enger Zwouklassemedezin, wou nëmmen déi, déi Fric hunn, sech nach kënne Gesondheet leeschten? Fir jiddferengem déiselwecht Chancen am Gesondheetsberäich ze garantéieren, misst just een anere Wee ageschloe ginn, nämlech dee vum Tiers payant ouni Participatioun vum Assuré. Dat am Kader och vun enger adequater Preventivmedezin, well just an deem Beräich d'Participatioun vum Assuré bis zu 100% eropgeschrauft ginn ass bei verschidde Produkter. Och muss d'Naturmedezin iwwer gesetzlech geregelt Bestëmmungen endlech unerkannt ginn.

Mä, Här Krieps, awer och d'Dokteren, deene mer elo substanziell entgéint komm sinn, missten am Fong am Kader vun der Sanéierung vun de Krankekeesen hir Verantwortung iwwerhuelen, wat d'Verschreiwe vun deiere Medikamenter a besonnesch vun Antibiotika a Krankeschäiner ubelaangt.

Och am Beräich vun den Invaliderente muss eng Revisioun kommen, well och nach mat deem neie Gesetz Persounen duerch d'Sozialnetz falen an ouni Revenu bleiwen, esou wéi ech et och als eng falsch Politik ugesi fir elo wëllen de Pensiounsalter, respektiv d'Liewensaktivitéitszäit ze verlängeren, ausser et wéilt een all déi Instrumenter wéi Préretraite a Prépensioun a Fro stellen.

Och ass et falsch ëmmer erëm um Aarbechtsrecht ze fummele fir verschiddene Wirtschaftssecteuren eng extra Wurscht ze broden. Mir hunn a brauchen nëmmen een Aarbechtsrecht, well un deem ass nach kee Faillite gaangen. Mir brauchen och en demokratescht a gutt strukturéiert Kollektivvertragsgesetz, un Hand vun deem all Salariatsorganisatioun d'Recht kritt seng Membere vis-à-vis vun allen Instanzen ze vertrieden, e Kollektivvertragsgesetz an deem ausschliesslech fräi sozial Wahlen den Haaptkritär fir d'Representatioun musse sinn, an net politesche Favoritismus.

***(Interruption)***

Merci, Här Glesener. Do wäert ech lech awer derbäi hëllefen, wann Der wëlles hutt, dat ze maachen.

Mir brauche schnell eng Reform vun der Gewerbeinspektioun, awer och en zousätzlechen Ausbau vun de Rechter a vum Schutz vun de Personaldelegéierten.

Ee Punkt wëll ech awer nach hei beréieren, dat ass dat individuellt a liewenslaangt Recht op Formation continue. D'PAN-Gesetz gesäit eng Rei Mesurë vir iwwert déi ee ka vu Weiderbildung profitéieren. Dat kollektiivt Recht op Weiderbildung gëtt duerch e Kadergesetz geregelt. Dat individuellt professionnellt Weiderbildungsrecht ass awer verdeelt op verschidde Mesurë wéi Formatioun a Beruffsléier fir Erwuessener a Mesuren, déi an de Kollektivverträg virgesi sinn. All déi Mesurë garantéieren awer keen individuellt Recht op liewenslaang professionell Weiderbildung. Et besteet wuel d'Nécessitéit vun engem kohärente liewenslaangen Educatiounskonzept, dat ass och annoncéiert ginn, mä et ass bis elo just bei der Intentioun fir et anzeféiere bliwwen. Prezis Indikatiounen iwwer wéi, wéini a vu weem dass dat soll realiséiert ginn, feelen nach ëmmer. Vläicht wier de Conseil supérieur de l'Education nationale dat adequat Instrument fir dës Missioun. Et misst awer e legale Kader dofir geschafe ginn.

Wa mer sollen en Observatoire fir d'Iwwerwaache vun der Compétitivitéit schafen, wéi dat hei ugekënnegt ginn ass, wär et och net falsch en Observatoire fir d'Educatioun an d'Formation continue ze schafen, mat Oplagen am Beräich vun der Innovatioun an der Recherche. Op jidde Fall wier et am Sënn vun der Chancëgläichheet, am Beräich vun der Formatioun, eng Législatioun iwwer e liewenslaangt individuellt Recht op Weiderbildung ze schafen.

Här President, et stinn nach vill Erausfuerderungen hei an d'Haus, Erausfuerderungen deene mer nëmme kënne gerecht ginn, wa mer no engem bekannte Slogan fueren, nämlech Transparenz an Dialog, eppes wat bis elo meeschtens nëmmen e Slogan bliwwen ass, wou et awer fir eist Land wichteg wier, dass dëse Slogan endlech an d'Realitéit ëmgesat géif ginn. Den ADR ass op jiddde Fall konsensbereet wann et ëm kruzial wichteg Froe fir eist Land geet, an en huet dat och scho méi wéi eng Kéier hei bewisen.

Ech perséinlech wäert mech op jidde Fall ëmmer zu Wuert mellen, wann hei gemengt gëtt, d'Salariat misst eleng d'Käschte vun den ekonomesche Feelplanungen droen, an och net zécke Verschiddene mol erëm an Erënnerung ze ruffen, wou se hierkommen a wiem se et ze verdanken hunn, dass se hei sëtzen.

Ech freeë mech schonn drop kënnen un all deene Projete matzeschaffen, déi d'Aarbechtsrecht an d'Rechter vun de Personaldelegéierte solle regelen, fir och do kënne mäi bescheidene Beitrag bäizedroen, fir dass et an déi richteg Richtung geet, …

***(Interruption)***

Ech si ganz bescheiden.

…an zwar am Interesse vum Salariat. Ech sinn iwwerzeegt dass mer fir dat duerchzezéien dee richtegen Aarbechtsminister hunn, deem ech heimadder meng Ënnerstëtzung doranner zousoen.

Här President, ech wollt nach eng Motioun déposéieren.

***Motion 4***

*D'Volleksvertriederkummer,*

*- well schonns e kollektiivt Recht op liewenslaang berufflech Weiderbildung existéiert;*

*- well am Kader vum PAN e liewenslaangt Educatiounskonzept gefuerdert gëtt;*

*invitéiert d'Regierung*

*- e legale Kader ze schafen deen en individuellt Recht op liewenslaang berufflech Weiderbildung garantéiert.*

*(s.) Aly Jaerling, Jean Colombera, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Robert Mehlen.*

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Den nächste Riedner ass den Här Marcel Glesener.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den Här Juncker huet am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung eng realistesch Bestandsopnahm presentéiert iwwert déi allgemeng Lag hei zu Lëtzebuerg, an dobäi huet en net verfeelt op eng ganz Rei vu Problemer opmierksam ze maachen. Doriwwer eraus huet en och eng ganz Rei vu konkrete Pisten opgezeechent, dass Lëtzebuerg sech net an en Zoustand vun enger akuter Kris erabeweegt.

De Statsminister huet och zu Recht gesot, dass net alles kéint ugeschwat ginn an där Deklaratioun, wat misst ugeschwat ginn. Mat Sécherheet ass ee Problem, deen net konnt ugeschwat ginn, deen awer eis alleguerte Suerge mécht, a mäi Kolleeg, den Här Jean-Marie Halsdorf, huet schon drop higewisen, dass mir de Moment hei am Land an enger Situatioun sinn, wou eng Rei sozial Konflikter sech ganz dramatesch zouspëtzen. An ech schwätzen domadder un déi ganz Entwécklung am öffentlechen Transport, der Eisebunn, virun allem awer och dat, wat an de Spideeler sech deet.

Et ass geféierlech an net ëmmer gutt, wann ee sech als Politiker an d'Tarifautonomie vun de Sozialpartner wëllt amëschen. Dat soll een och net maachen. Mä wann awer vital allgemeng Interessen um Spill stinn, an ech denken do virun allem un déi Leit, déi krank sinn, déi ugewise sinn op den öffentlechen Transport, da kann d'Politik sech net distanzéiere vun esou enger Entwécklung, an et soll een alles versiche fir den Tarifpartner d'Hand ze reechen an d'Méiglechkeet ze ginn, fir ee Sozialkonflikt ze verhënneren.

Et wier bei dëser Geleeënheet ubruecht fir dorop opmierksam ze maachen a vläicht fir dem Här Statsminister de Virschlag ze ënnerbreeden, ob et net noutwenneg a richteg wier dass, éier et zu enger Situatioun kënnt, wou e Sozialkonflikt onausweichlech bleift, net awer nach soll versicht gi mediativ ze wierken an d'Sozialpartner un een Dësch ze bréngen, fir domadder nach e leschte Versuch ze maachen, dass esou ee Sozialkonflikt, dee mer eis zu Lëtzebuerg net kënne leeschten, net soll antreffen.

Dofir mäi Wonsch a mäin Opruff un d'Adress vun der Regierung, un d'Adress vum Här Statsminister, sech dat ze iwwerleeën an e leschte Versuch ze maachen, fir esou ee Sozialkonflikt, dee sech zouspëtzt a vital allgemeng Interesse mat beréiert, fir deen dach awer ze entschäerfen.

Kolleeginnen a Kolleegen, an deem selwechte Kontext war et mat Sécherheet net gutt, dass no de Sitzunge vun der Tripartite d'Patronatsorganisatiounen erëm eng Kéier d'allgemeng Indexéierung a Fro gestallt hunn. Et war richteg dass d'Parteien alleguerte reagéiert hunn, dass de Moment keen Ulass do ass fir un déi automatesch Lounindexéierung vun de Gehälter, de Pensioun an de Rente rüttelen ze goen. Et war och gutt dass de Statsminister d'Geleeënheet benotzt huet, fir a senger Deklaratioun ganz kloer datselwecht am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung ze soen. En huet eng ganz Rei Argumenter ugefouert, déi mer an der Vergaangenheet ëmmer ugefouert hunn, wann et drëm gaangen ass fir Indexdiskussiounen an Indexofschafungen aus dem Wee ze goen.

Meng Partei huet datselwecht gemaach, an et ass net wéi dee leschte Samschdeg de Leitartikler am Escher Tageblatt gemengt huet, d'CSV hätt dat och deen Dag virdru gemaach, well se am Süde Stëmme bräicht. Mat Sécherheet ass dat net Fall, well all Partei déi dat mécht wier domat op Stëmmefang aus, mä et ass eis Iwwerzeegung, dass de Moment keen Ulass besteet fir an iergend enger Form un den Index rüttelen ze goen, ëmsou méi mer e Gesetz hu vun 1984 wat ganz kloer d'Kritäre festleet wann et schwiereg gëtt hei zu Lëtzebuerg, da ginn d'Luuchten un an da gëtt iwwer alles diskutéiert an och iwwer bestëmmte Modalitéiten.

An där Situatioun si mer net an dofir war et kloer an och richteg a gutt, datt d'Regierung duerch de Mond vum Statsminister virgëschter ganz kloer Positioun bezunn huet. Ëmsou méi wa mer elo Indexdiskussioune féieren, da féiere mer hei zu Lëtzebuerg Diskussiounen, déi mat Sécherheet dozou féieren, datt mer dat soziaalt Klima, wat mer net däerfe verschäerfen, ufänken dann an eng Direktioun ze bréngen, just a Momenter wou mer konfrontéiert si mat eeschte Problemer hei zu Lëtzebuerg, ekonomescher, aarbechtsmaartpolitescher, kënne mer eis déi mat Sécherheet net leeschten.

An do kommen ech, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, op den drëtte Punkt vu menger Interventioun. Mäi Kolleeg Lucien Weiler huet allgemeng zu deem Stellung bezunn, wat den Här Statsminister am Numm vun der Regierung hei gesot huet an huet ugekënnegt, datt ech e bësse méi konkret mech géif mat der Situatioun um Aarbechtsmaart ausenanersetzen, wat d'Entwécklung vum Chômage hei zu Lëtzebuerg ugeet, dee mat Sécherheet eis ganz eescht Suerge bereet.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Dir wësst an Dir kënnt lech erënneren, datt während deene leschte Joren d'Lëtzebuerger Parlament sech méi intensiv mat ageschalt huet an déi Diskussiounen ëm den Aarbechtsmaart, ëm d'Krisen, ëm d'Krisebekämpfung, a virun allem no 1997, wou mer en Débat d'orientation iwwert déi ganz Problematik hei an der Chamber haten, ware mer mat agebonnen an eng Diskussioun, déi 1999 zum PAN-Gesetz gefouert huet. Ech erënneren, Kolleeginnen a Kolleegen, datt d'PAN-Gesetz zwee grouss Objektiver hat.

Éischten Objektiv war d'Wettbewerbsfäegkeet vun eiser Ekonomie ze stäerken, an zweetens eng drohend Massenaarbechtslosegkeet ze verhënneren. A mir hu gesinn, datt déi Mesuren, déi mer deemools getraff hunn 1999 am PAN-Gesetz, och hir Friichte gedroen hunn. Et ass net zu enger Massenaarbechtslosegkeet komm, an d'Aarbechtslosegkeet ass vu 5.351, wéi se 1999 war, permanent opgrond vun deene Mesuren, déi mer getraff hunn, erofgaangen. An et ass net richteg, wéi gëschter hei vun engem vun de Kolleege behaapt ass ginn, datt vun deem Moment u wou dës Regierung a Fonctioun ass d'Aarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg dramatesch an d'Luucht ass gaangen. Dat ass net korrekt.

1999 hate mer 5.351 Demandeurs d'emploi, am Joer 2000 hate mer der nëmme méi 4.964, am Joer 2001 hate mer der nëmme méi 4.927 an du koum deen ekonomeschen Abroch an dunn ass d'Aarbechtslosegkeet an d'Luucht gaangen. Mir haten der an der Moyenne am Joer 2002 5.823, fir elo an dësem Moment op eng besuergniserregend Héicht vun Aarbechtslosegkeet ze kommen, an zwar hu mer de leschte Mount 7.208 Leit hei zu Lëtzebuerg ouni Aarbecht an do kommen der nach 2.900 derbäi, déi a Beschäftigungsmoossname sinn. De Moment si mer konfrontéiert mat enger Situatioun vu ronn 10.200 Leit hei zu Lëtzebuerg, déi keng normal Aarbechtsplaz hunn. Dat ass d'Situatioun. An dat sinn der am Ganze ronn 3.000 méi wéi am Abrëll vu virun zwee Joer.

Mir gesinn also, datt mer de Moment konfrontéiert si mat enger däitlecher Steigerung vun der Aarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg, a wann een déi lescht Jore kuckt, dann huet d'Aarbechtslosenzuel zougeholl bis zum Januar, a vum Januar un ass se awer sensibel erofgaange bis an de Juli/August an no de Schoulvakanzen huet se erëm ugezunn. Mir hunn deem géintiwwer elo festgestallt, datt dëst Joer déi Tendenz net an deem Mooss sech hei zu Lëtzebuerg konkretiséiert, an zwar stellt ee fest datt d'Aarbechtslosegkeet Januar/Februar praktesch op engem héijen Niveau stagnéiert huet an nëmme liicht an deenen zwee Méint duerno erofgaangen ass, esou datt ee kann dovun ausgoen, datt mer am September, wann Dausende vu jonke Leit op den Aarbechtsmaart stoussen, mat Aarbechtslosenzuele konfrontéiert sinn, déi ganz dramatesch kënne sinn.

Wann ee weess datt fir de Chômage däitlech ze senke mer e Beschäftegungswuesstum vu ronn 3% mussen hunn a wa mer wëssen datt 3% Beschäftegungswuesstum d'Konsequenz ass vu 4,5% Wirtschaftswuesstum, a wa mer wëssen datt d'Prognosen dorop hinzilen, datt mer um Enn vun dësem Joer mat engem Wirtschaftswuesstum vun nëmmen 1,5% kënne rechnen, esou sinn d'Viraussetzunge geschaaft, datt ausganks vun dësem Joer de Chômage däitlech wäert zouhuelen a mer eis a besuergniserreegend Situatiounen erabeweegen.

Wann een e bëssen d'Ekonomie kuckt, da stellt ee fest datt déi véier grouss Wirtschaftspfeileren, déi zoustänneg si fir Aarbechtsplazen ze schafen, an enger staarker Regressioun sinn.

Am industrielle Beräich maache mer eng Politik a musse mer eng Politik maache fir dat ofzesécheren an ze hale wat mer hunn.

Am Finanzsecteur gesi mer, datt mer net mat enger Stagnatioun ze rechnen hunn, mä au contraire mat engem permanenten Ofbau vun Aarbechtsplazen.

Am Déngschtleeschtungssecteur si mer an enger Situatioun vun der Stagnatioun, an Deeler vum Lëtzebuerger Handwierk hunn och ugedeit, datt se grouss Problemer während deenen nächste Méint wäerte kréien, esou datt déi Tendenz derbäi gezielt dat ënnersträicht wat ech virdru gesot hunn. An do heescht et da selbstverständlech ze reagéieren, fir esou eng Situatioun, déi ëmmer méi dramatesch gëtt, an de Grëff ze kréien.

D'Tripartite huet sech mat där Problematik ausenaner gesat. Et wier elo falsch, an dat ass e bëssen ugeklongen an de Riede vun deem engen oder deem aneren, fir ze ënnerstellen, datt d'Regierung hir Aufgab net gemaach huet an datt an deenen Tripartite-Diskussiounen net déi noutwendeg Décisioune getraff gi sinn, fir där doter Situatioun entgéint ze wierken. Mir wëssen awer, datt net d'Regierung eleng de Partner an der Tripartite ass, mä datt an der Tripartite zwee aner gläichberechtegt Partner sinn, an dat sinn d'Sozialpartner, an ech mengen et kann een net ee responsabel maachen, wann et géif stëmme wat hei gesot ass ginn, mä ech sinn awer iwwerzeegt datt déi Entscheedungen, déi an der Tripartite getraff si ginn, an dësem Moment déi richteg sinn.

An zwar gëtt d'PAN-Gesetz verlängert a senge wesentleche Bestëmmungen. Mir sinn net higaangen a mir hunn de Congé parental erofgesenkt, au contraire. Mir sinn net higaangen a mir hunn déi Beschäftegungsmoossnamen, déi ofgelaf sinn oder oflafen am Juli, net verlängert an et ass och net richteg wat gëschter den Här Krecké hei gesot huet, datt mer einfach de Suivi net géife maache vun dem Resultat vun deene Beschäftegungsmoossnamen, déi mer am PAN-Gesetz hunn. Ech mengen, an der Spezialkommissioun, an den Här Lux kann dat bezeien, huet den Aarbechtsminister eis ganz kloer Chifferen op den Dësch geluecht, wéi wäit datt déi Beschäftegungsmoossname gegraff hunn. An ech erënneren, datt zum Beispill déi Moossnamen ëm den CRT fir d'Jugend zu 65% mat Succès beluecht kënne ginn. Wat d'Moossname vun de Stages en entreprise betrëfft, kënne mer en Erfolleg vu 75% verzeechnen. Beim Pool des remplaçants hu mer e Succès vu ronn 95%.

Also, mer gesinn datt effektiv et net stëmmt datt déi Beschäftigungsmoossnamen näischt bréngen, datt mer net wësse wat se bréngen, mä déi hunn Erfolleg bruecht, a wa mer déi net 1999 getraff hätten, dann hätte mer mat Sécherheet méi Jugendaarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg a mir hätte mat Sécherheet manner Fraen déi um Aarbechtsmaart wieren a mir hätte mat Sécherheet vill méi eeler Leit déi aarbechtslos wieren a keng Aarbecht géife fannen. An dorfir war et scho richteg a gutt, datt just an dësem Moment déi Moossnamen do elo weidergefouert ginn, fir och ze kucke wéi wäit mer kënnen a Krisenzäiten, oder a schwieregen Zäiten, d'Aarbechtslosegkeet mat deene Moossnamen, déi nach verbessert a verfeinert ginn, erofsetzen.

Derbäi wëll ech och soen, datt mer higaange sinn oder mer ginn hin andeem mer elo deen neie Projet vum PAN-Gesetz an der Chamber diskutéiere wäerten an e puer Wochen, datt mer och all déi Moossnamen, déi mer ëm d'Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäitorganisatioun hunn, weider lafe loossen an eis Zäit gi fir all déi Moossnamen elo an dëser Situatioun op hir Wierksamkeet ze préifen, an 2007, dat heescht a véier Joer, gëtt den Inventar gemaach vun de Sozialpartner mat der Regierung, wéi wäit datt déi Moossnamen den heitegen an den zukünftege Gegebenheete Rechnung droen an op hiren Erfolleg gi se da gepréift, an da gesi mer wat muss verbessert ginn a wat muss geännert ginn.

Mä doriwwer eraus wësse mer awer, an dat ass ganz gutt, datt u sech deen Dialogue social weidergeet. An dësem Moment ass den Aarbechtsminister amgaang mat de Sozialpartner ze beroden an ze diskutéieren, wéi wäit een net geziilten Aarbechtszäitverkierzung mat ka finanzéieren a Betriber, déi vu Kris geschüttelt a gerüttelt sinn, fir esou Aarbechtsplazen ofzesécheren, fir esou Chômage ze verhënneren a fir esou Entloossungen ze verhënneren.

Ech mengen, dat, nëmme gesot, si scho Moossnamen, déi ganz wichteg sinn, a mir waarden op déi Resultater an da maache mer, wéi gesot, den Inventar, mä ech kommen nach eng Kéier och op en Inventar zréck, dee mir als Chamber hei musse maachen.

Wat mer net maachen a wat gutt ass datt dat net geschitt, dat ass datt mer op kee Fall an der Tripartite eis agelooss hunn op eng Diskussioun fir d'aarbechtsrechtlech Bestëmmungen hei zu Lëtzebuerg opzelockeren, ofzeschwächen a virun allem fir de Kënnegungsschutz opzelockeren, wéi dat an anere Länner ronderëm eis geschitt, fir esou der Situatioun gerecht ze gi mat där se konfrontéiert sinn.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech gesinn datt déi Aufgaben, déi d'Sozialpartner mat der Regierung an der Tripartite amgaange sinn duerchzeféieren, schonn eng Äntwert sinn op déi zunehmend Problemer mat deene mer hei zu Lëtzebuerg um Aarbechtsmaart konfrontéiert sinn.

Da stellt d'Fro sech natierlech, datt dat net duer geet. Mir mussen hei zu Lëtzebuerg nei Aarbechtsplaze schafen. Mir mussen et fäerdeg bréngen fir Industrien an d'Land ze bréngen, déi och Aarbechtsplaze matbréngen. Wann een nëmmen an d'Informatiounstechnologie an nëmmen an d'Biotechnologie investéiert, da wësse mer dass dat wuel finanziell dem Lëtzebuerger Stat an dann och der Allgemengheet vill bréngt, mä mat Sécherheet ass et net dat eleng richtegt Mëttel fir nei an esou vill Aarbechtsplaze wéi noutwendeg sinn hei zu Lëtzebuerg ze schafen.

Mir mussen et och an deenen nächste Jore fäerdeg bréngen aarbechtsintensiv Betriber op Lëtzebuerg ze kréien, net nëmmen, mä awer och fir genügend Einnahmen ze kréien an de Sozialversécherungen duerch Cotisatioune fir iwwerhaapt déi Leeschtung oprechtzeerhalen, déi mer haut décidéiert hunn a wou jiddereen e Recht drop huet vun deene Leeschtungen ze profitéieren.

Et ass richteg, wichteg a gutt, datt och Betriber aus den Informatiounstechnologien op Lëtzebuerg kommen an et ass mat Sécherheet e staarke Punkt vun Diversifikatioun, wa Sociétéite wéi AOL an AMAZON op Lëtzebuerg kommen, mä och domadder, esou wéi et de Statsminister gesot huet, hu mer de Krich net gewonnen. Et soll een net an eng iwwerspëtzten Euphorie verfalen, awer sech och net op en extrem negativen Extremismus hibewegen.

***(Interruption)***

Mir wëssen, datt zum Beispill just informatiounstechnologesch Betriber wéi d'AOL an Amerika de Moment vun der Kris geschüttelt sinn. Dat wësse mer. Dat ass awer keng Ursaach fir ze soe mir wëllen lech net hei, gitt a Polen oder gitt entzwouch anescht. Duerfir ass et jo noutwendeg a richteg, datt mer dat maachen.

Et ass och net richteg, datt een d'Regierung a Contradictioun mat sech selwer setzt, wann ee verschidde Sätz aus dem Kontext vun der Deklaratioun eraushëlt an domat dann eng Konstruktioun opbaut, déi u sech falsch ass. Et ass net richteg an et ass net korrekt datt dës Regierung sech net bewosst ass, datt och Betriber mussen an d'Land kommen, déi Aarbechtsplaze mat sech bréngen, déi aarbechtsplazintensiv sinn.

Mä wann een dat wëllt, da muss ee jo awer emol Virbedingunge schafen. Et muss een e wirtschaftlecht Ëmfeld schafen. Et muss een e steierlecht Ëmfeld schafen. Dat ass geschitt. Net vun ongeféier. An doriwwer eraus muss een och déi noutwendeg Infrastrukture schafen, fir datt Betriber sech hei zu Lëtzebuerg kënnen implantéieren. De Kolleeg Gusty Graas huet dat zu Recht erwähnt, mä et ass leider Gottes net genügend hei zum Ausdrock komm innerhalb vun deenen Diskussiounen, déi elo gefouert gi sinn.

D'Tatsaach, datt dës Regierung d'Industriebrooche vum Éilerenger Schlakentipp opkeeft fir do eng nei national Industriezon ze schafen, ass dach d'Bekenntnis fir hei Industrien unzesiedelen, déi och aarbechtsplazintensiv sinn, soss bräichte mer dat jo net ze maachen. Mir begréissen déi Initiativ. Ech fannen et net gutt, datt mer eis an Demagogie dora bewegen. Ech ka wuel verstoen, dass wann ech an der Oppositioun sinn, dann huelen ech Saachen eraus fir der Regierung de Fanger ze weisen, alles dat ass legitim, mä et soll een dat trotz allem awer e bësse méi kohärent maachen.

Am Zesummenhang mat den aarbechtsplazintensive Betriber huet d'Regierung jo hei de Reproche gemaach kritt, datt se géif eng Politik maache vun der Diversifikatioun fir keng aarbechtsplazintensiv Betriber hei zu Lëtzebuerg unzesiedelen. Gläichzäiteg awer sinn et Kolleegen aus därselwechter Partei, déi op anere Plazen, wou mer diskutéiert hunn iwwert den Zouwuess vun aarbechtsplazintensive Betriber, d'Fro gestallt hunn, ob et net richteg an noutwendeg wier virun allem ze bewierken, datt manner Friemer op Lëtzebuerg kommen, ob een net soll esou Industrien net hei zu Lëtzebuerg, mä an der Groussregioun usiedelen. Da kéinten d'Lëtzebuerger dohinner schaffe goen an et bräichte keng Frontalieren op Lëtzebuerg ze kommen. Dann hätte mer vill manner Transportproblemer an och vill manner aner Problemer.

Mir hunn dat ofgewiert, Gott sei Dank, mä do gesäit een, datt d'Kohärenz vun deem, wat hei gesot gëtt an op anere Plaze gesot gëtt, net ëmmer richteg ass, net ëmmer kohärent ass an net ëmmer stëmmt. Duerfir géif ech dofir plädéiere fir manner mat Demagogie un dat Thema do erunzegoen a fir mat vill méi realisteschem Aschätzungsverméigen déi Problemer unzegoen, déi hei zu Lëtzebuerg musse geléist gi fir net gréisser Problemer hei zu Lëtzebuerg ze schafen.

***(M. Niki Bettendorf reprend la Présidence)***

Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen domat hunn ech dee Volet Chômage an Entwécklung um Aarbechtsmaart genügend hei gesträift. Ech géif awer nach op eppes aneschters opmierksam

maachen. Et ass och net richteg, wat hei gesot ginn ass, datt just vun deem Moment un, wou dës Regierung a Fonctioun getrueden ass, den Zouwuess vun Aarbechtsplazen drastesch ofgeholl huet par rapport zu aneren Zäite vun anere Regierungskoalitiounen.

Wann een dat esou seet, da muss ee wëssen, datt et virun zéng Joer vläicht méi einfach war fir Industrien op Lëtzebuerg ze kréie wéi haut, mä trotz allem, wann een dat awer korrekt kuckt, da muss een dat awer och kënne korrekt mat Chiffere beleeën, a wann ech déi Chiffere kucken, da stellen ech fest datt tëschent 1999 an 2000 15.300 nei Aarbechtsplazen hei geschaf gi sinn, datt am Joer 2001 14.700 nei Aarbechtsplaze geschaf gi sinn. Dat sinn der 5.000 méi wéi an deene beschte Jore vu virun 1999. Am Joer 2002, trotz Abroch vun der Ekonomie, huet ëmmerhin den Emploi hei zu Lëtzebuerg nach ëm 8.600 Unitéiten zougeholl. Dee gréissten Taux de progression, dee mer jee am Lëtzebuerger Land haten, dat ware 6,4% an dat war am Joer 2000.

Also, wann ech Behaaptungen hei opstelle fir der Regierung Immobilismus virzewerfen, da muss ech mech e bësse besser informéieren oder ech muss mat aneren Argumenter kommen.

Dat gesot, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, sinn ech awer der Meenung, datt een opmierksam muss déi ganz Entwécklung verfollegen. Ech huelen un, dass d'Sozialpartner mat der Regierung dat am Numm vun der Tripartite maachen, a wann ee gesäit datt um Enn vum Joer d'Situatioun wierklech dramatesch degradéiert, datt dann och de Moment do ass, an do si mer ëmmer ganz flexibel, fir d'Tripartite zesummenzeruffen.

Ech géif och proposéieren, datt mir als Parlament eiser Responsabilitéit sollen nokommen an Uganks vum nächste Joer am éischten Trimester, nodeem de Comité de conjoncture am Januar/Februar de Point maache konnt wéi d'Entwécklung gelaf ass no de Schoulausgäng hei zu Lëtzebuerg, fir dann en Débat d'actualité hei an der Chamber ze organiséieren, ofzehalen, fir eis ausernanerzesetze mat der Entwécklung um Aarbechtsmaart, wéi ee sech an deem Moment dann hei zu Lëtzebuerg steet, an da sinn ech iwwerzeegt, datt mer dann och, wann et noutwendeg ass, als Chamber déi noutwendeg Orientéierungen der Regierung kënne mat op de Wee ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den Aarbechtsminister huet viru kuerzem zu Recht gesot, datt d'Kollektivvertragsgesetz och Gesellschaftspolitik ass. Mir musse wëssen, datt iwwert d'Kollektivvertragspolitik ronn 200.000 Leit hir Aarbechts- a Lounkonditioune festgeluecht kréien, an dat ass scho Gesellschaftspolitik an duerfir ass et richteg a wichteg, datt mer schnellstméiglechst dat Gesetz vun de Kollektivverträg reforméieren, an ech hu Verständnis fir d'Onrou vun de Gewerkschaften, datt et net séier genuch virugeet.

Den Aarbechtsminister huet am November d'lescht Joer dee Projet deponéiert. De Ball läit net méi bei der Regierung, mä de Ball läit beim Parlament, mä d'Parlament kann eréischt ufänke valabel ze debattéieren, wann d'Avisë vun de Beruffschamberen an den Avis vum Statsrot virleien, well mir musse jo awer op dat waarden, wat déi eis soen, déi Dag fir Dag mat dem Kollektivvertragswiese konfrontéiert sinn.

Ech weess, datt Uganks Juni déi zwou Arbeitnehmer-Chamberen hiren Avis am Plenum verabschieden. Mir wäerten dann esou séier wéi méiglech, wa mer den Avis vum Statsrot virleien hunn, och mat eisen Aarbechten ufänken. A wann deen Avis vum Statsrot nach virun der Summervakanz géif kommen, da wier et mat Sécherheet net onméiglech, datt mer Ausganks dësem Joer dee Projet hei kënnen an der Chamber stëmmen.

Ech wëll awer ganz kuerz dräi oder véier Punkten nach eng Kéier ervirsträichen, déi noutwendeg a wichteg sinn, datt se am Numm vun dëser Reform geléist ginn.

D'Vertragsprozeduren an den Inhalt vum Kollektivvertrag musse kloer definéiert ginn. D'Schlichtungsprozedure musse verbessert a verfeinert ginn. D'Streikrecht muss definéiert ginn. Och dat, wat an engem Fall vun Net-Eenegung machbar a méiglech ass, an doriwwer eraus ass et och nach d'Vertragsfäegkeet, déi muss nei definéiert ginn.

Den Här Jaerling huet gesot, dat däerft nëmme geschéien, wann dat op eng demokratesch Aart a Weis geschitt, an net datt Favoritismus däerft do geschéien. Ech kann den Här Jaerling berouegen, et kënnt fir eis nëmmen a Fro d'national Representativitéit deenen ze ginn, déi een nationaalt Mandat hunn, am Numm vum gesamte Salariat kënnen ze schwätzen. Dat erfollegt opgrond vu Wahlen, esouwuel an der Arbeiterkammer wéi an der Privatbeamtechamber. Keng Zesummeballung vu verschidde Gewerkschaften, mä eng eegestänneg Gewerkschaftsorganisatioun. Déi, déi déi Kritären erfëllt, déi kritt och d'national Representativitéit, an déi ass net beschränkt op eng, op zwou, mä ass op jiddfereen zougemooss, deen déi Konditiounen erfëllt.

Dat gesot, géif ech dat Thema ofschléissen. Mir ginn eis all erdenklech Méi, fir schnellstméiglech dee Projet hei an der Chamber zur Ofstëmmung ze bréngen.

A wann ech scho beim Aarbechtsrecht sinn; nach eng Rei vu Reformen déi noutwenneg si gemaach ze ginn. Dat ass d'Reform vum Delegatiounsgesetz. Dat ass d'Reform vum Matbestëmmungsgesetz. Et ass d'Reform vun der Gewerbeinspektioun. Ech weess, datt de Minister amgaang ass do un Avant-projeten ze schaffen, an ech sinn och iwwerzeegt datt mer rechtzäiteg déi Projeten an d'Chamber kréien, fir datt mer an deenen zoustännege Kommissiounen eis dermat kënnen ausenanersetzen.

Da stinn natierlech nach zwee Projeten un, déi schnellstméiglechst an Ugrëff musse geholl ginn, an dat ass engersäits d'Organisatioun vum Télétravail, an do maachen ech en dringenden Appel un d'Sozialpartner zu Accorden ze kommen, wéi dat op europäeschem Plang och geschitt ass. Dann huet de Statsminister virgëschter am Numm vum Aarbechtsminister ee Projet de loi déposéiert, deen all déi Problemer ëm d'Beschäftigungsinitiativen hei zu Lëtzebuerg méi kloer, méi kohärent a méi transparent soll nei orientéieren a regelen.

Voilà, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat war den zweete Volet vu menger Interventioun. Erlaabt mer elo nach e puer Wuert ze soen iwwert d'Sozialsécherheet. Mäi Kolleeg Jean-Marie Halsdorf huet do schonn dat Wesentlechst gesot. Ech wëll nach eng Kéier, wéi ech dat scho gesot hunn, am Zesummenhang mat der Fuerderung vun den Arbeitgeber, vun der FEDIL, den Index ze modeléieren oder ze manipuléieren, wéi een et och wëllt nennen, folgend Deklaratioun maachen, datt de Moment absolut keen Ulass besteet fir dat, wat um Rentendësch décidéiert ginn ass, a Fro ze stellen.

Um Rentendësch si keng Feeler gemaach ginn, wéi gesot ass ginn. Mir hunn an der Chamber d'Resultater vun deem Rentendësch examinéiert an hunn déi positiv begutacht an deementspriechend nei gesetzlech Bestëmmunge gestëmmt am Interessi vun Dausende vu pensionéierte Matbierger zu Lëtzebuerg, hunn noutwenneg strukturell Reformen a Verbesserungen duerchgezunn, an et ass evident datt mer eis och Gedanke maachen iwwert déi zukünfteg Finanzéierung vun eisem Pensiounsversécherungswiesen. D'Gesetz gesäit vir, datt all siwe Joer, an dat ass am Joer 2006, en Inventar gemaach gëtt iwwert d'Finanzéierbarkeet vun de Pensiounen, a wann ee Clignotant liicht, an dat ass wann d'Reservë manner héich si wéi 1,5% wéi d'Joresausgabe vun de Leeschtungen, da muss een diskutéieren iwwert d'Finanzéierung vun eise Pensiounen, fir déi Leeschtung kënnen oprecht ze erhalen, déi een décidéiert huet.

Ech mengen, dat ass dat wat um Rentendësch ofgemaach ass ginn. Dat ass och dat wat am Gesetz steet. Am Moment besteet keen Handlungsbedarf fir iergendwéi déi Entscheedungen, déi getraff gi sinn, iergendwéi a Fro ze stellen. Mir wëssen datt mer eis bewegen an eng prekär Situatioun era vun der Finanzéierbarkeet vun de Pensiounen. Mir bewegen eis net eleng hei zu Lëtzebuerg, mä a ganz Europa opgrond vun der demographescher Entwécklung an eng Richtung, wou mer alleguer, Gott sei Dank, méi al ginn, dat heescht, mir profitéiere méi laang Jore vun de Leeschtunge vun de Pensiounskeesen, anerersäits wësse mer, datt opgrond vun de verlängerte Schoulzäiten déi Jugendlech méi spéit an d'Beruffsliewen antrieden, esou datt déi Zäiten, wou Beiträg bezuelt ginn, och opgrond vum Erofsetze vu Liewensaarbechtszäite méi kleng ginn, an déi Jore wou mer d'Pensioun kréie méi grouss ginn. Fréi oder spéit bedeit dat natierlech finanziell Engpäss, an déi musse mer rechtzäiteg an Ugrëff huelen a se net eréischt léise wann et ze spéit ass mä am Virfeld, an duerfir ass et scho richteg an noutwenneg, datt mer elo soen: Haut besteet keen Handlungsbedarf, mä am Joer 2006 kucke mer, wéi et sech entwéckelt huet, wéi et mat de Reservë vun de Pensiounen ass, an da wäerte mer schonn hei zu Lëtzebuerg déi noutwenneg Décisioune kënne fannen.

Iwwert d'Krankekeesen huet de Jean-Marie Halsdorf geschwat. Ech wëll net méi dorop agoen. Ech wëll just nëmme soen, datt mer fir d'Situatioun vun de Krankekeesen ze iwwerwaachen eng Quadripartite hunn. Déi Quadripartite kënnt zesumme fir ze kucken, inwiefern d'Situatioun vun de Krankekeese besuergnisserregend ass fir d'Leeschtung weider ze bezuelen, an da wäert et schonn do zu Diskussiounen, Ureegungen, Virschléi an Entscheedunge kommen, déi d'Krankeversuergung hei zu Lëtzebuerg net a Fro stellen, mä fir se performant ze halen an esou ze gestalten, datt et net zu iwwerméissege Belaaschtunge vun deem Eenzelne kënnt an net zu iwwerméissege Belaaschtunge vun den Entreprisen. Dat ass d'Aufgab vun der Quadripartite. Mir sollen deem elo net virgräifen a mer sollen dat emol roueg op eis zoukomme loossen.

Zur Immigratiounspolitik wollt ech e puer Wuert soen, mä meng Riedezäit beweegt sech elo zu hirem Enn. Ech hunn den Optrag kritt vum Aarbechtsminister, fir eng Etüd ze maachen iwwert d'Wiesselbestëmmungen tëschent Immigratioun an Aarbechtsmaart. Et ass dat schonn eng Situatioun mat där mer eis mussen ausenanersetzen, a mer hunn an der Immigratiounskommissioun eis laang mat Deelaspekter vun där Problematik beschäftegt. Ech ginn och dovunner aus, datt mer esou schnell wéi méiglech eng Orientéierungsdebatt hei an déi Chamber kënne kréien, an deem zur Folleg mer och Inhalter kréien, fir déi Etüd an Ugrëff ze huelen.

D'Situatioun mat engem Schlagwuert, fir Iech ze illustréiere wéi se sech hei zu Lëtzebuerg an deene Wiesselbestëmmungen haut stellt: An deene leschte fënnef Joer sinn hei zu Lëtzebuerg 60.821 nei Aarbechtsplaze geschafe ginn. Nëmme 7,2% vu Résidents luxembourgeois sinn op déi Aarbechtsplaze komm. Iwwer 90% vun deene 60.000 Aarbechtsplaze si vun Net-Lëtzebuerger, zu engem Deel vu Leit déi hei wunnen an och vu Frontaliere besat ginn. Ech mengen, dat ënnersträicht d'Problematik an där mer eis befannen, an déi Problematik gëtt erhäert an enger Zäit wou de Chômage hei zu Lëtzebuerg ufänkt dramatesch sech ze entwéckelen, wéi ech dat schonn illustréiert hunn, esou datt et scho gutt ass datt d'Regierung sech Gedanke mécht an datt mir als Parlament eis och solle Gedanke maachen iwwert déi Entwécklung.

Dat gesot, wier ech zum Schluss komm. Ech soen Iech merci, datt Der mer esou laang nogelauschtert hutt.

M. le Président.- Merci, Här Glesener. Nächsten Orateur ass den Här Lux. Den Här Lucien Lux huet d'Wuert.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll am droit fil vu mengem Virriedner, dem Kolleeg Marcel Glesener, mech och haaptsächlech mat der Situatioun um Aarbechtsmaart beschäftegen a versichen, wéi et säi Wonsch war, dat esou korrekt a kohärent wéi méiglech ze maachen, an awer och nach an engem zweeten Deel e bëssen iwwert dat schwätzen, wat haut an der Politik genannt gëtt Vereinbarkeet vu Beruff a Famill, dat wat déi Strukture sinn déi erlabe sollen, dass ënner anerem d'Famillje sech besser kënnen organiséieren a virun allem Fraen hirem Choix kënnen nogoen, beruffstäteg oder net ze sinn oder ze bleiwen.

Kolleeginnen a Kolleegen, deene 40% zousätzlechen Aarbechtslosen, déi mer an deene leschte véier Joer erlieft hunn, wäert et wuel egal sinn, wéi mer déi Entwécklung hei nennen an definéieren. Ob mer soen, si ass dramatesch, krisenhaft, schwiereg, préoccupant oder wéi de Marcel Glesener et elo gesot huet, dass se eescht Suerge mécht. Ech mengen, dass dat net dat Wichtegst ass. Tatsaach ass, dass d'Angscht virun der Aarbechtslosegkeet, d'Bedrohung vun der Aarbechtslosegkeet och an de Käpp vun de Lëtzebuerger sech amgaang ass festzesetzen. Tatsaach ass och, dass mer an Europa net méi de Spëtzereider op deem Gebitt sinn, et sief de Spëtzereider an der héchster Augmentatioun, der relativer Augmentatioun, déi mer am Joer 2002 an deene 15 Länner vun der Europäescher Unioun haten. De Kolleeg Jeannot Krecké huet zu Recht gëschter drop higewisen, dass aus den Zäiten, wou mer nach Lektiounen deenen anere Länner konnten erdeelen, mer eis haut och musse mat den haarde Realitéite vun enger eeschter Augmentatioun vum Chômage auserneesetzen.

***(Interruption)***

Gedëlleg bleiwen, Här Aarbechtsminister.

Tatsaach ass och, dass dës nei Situatioun, besonnesch fir e Land wéi Lëtzebuerg a fir seng sozial Kohesioun, grouss a reell Geforen a sech biergt. Ech soen dat, well d'Aarbechtslosegkeet eiser Fraktioun an all deenen Debatten, déi mer an deene leschte Joren dozou haten, ëmmer enorm Suerge gemaach huet, dass et eng Prioritéit ass, well se esouwuel gesellschaftlech, sozial wéi och finanzpolitesch an eisem Land e groussen Afloss huet.

Niewent 40% méi Aarbechtsloser stelle mer och eng alarmant Baisse vun den offene Plaze fest. Mir gesinn, dat kann ee begréissen, mä et muss een och op där anerer Säit et skeptesch verfolgen, dass mer haut bal 3.000 Leit, jonk Leit virun allem, a Beschäftegungsmoossnamen, déi, mir wëssen et, zäitlech befrist sinn, déi oft och prekär Konditiounen hunn. Mir wëssen, dass bal 40% vun deenen haut ageschriwwenen Aarbechtslosen oder Aarbechtssichenden iwwer sechs Méint schonn ageschriwwe sinn, bal 25% iwwer 12 Méint, déi also ënnert der Kategorie vun de Laangzäitaarbechtslose kënnen agestuuft ginn, a mir wëssen och wivill dausende Frontalieren hir Aarbecht hei zu Lëtzebuerg verluer hunn an awer an d'Aarbechtsmarchéé vun hire jeeweilege Länner sech aschreiwen. De Pierre Lorang huet am Lëtzebuerger Wort ganz richteg festgestallt, dass déi ronn 10.000 Grenzgänger, déi hiren Job verluer hunn, a kenger nationaler Statistik optauchen an hu praktesch de Problem souzesoen an d'Groussregioun exportéiert.

Säit November 2002 tagt dann ënner anerem opgrond vun där alarmanter Entwécklung an ons Äntwert dorobber, mä virun allem och fir déi sougenannte grouss Revision vum PAN-Gesetz vun 1999 virzehuelen, wou jo eng Rei vu wichtege Moossnamen den 31. Juli vun dësem Joer auslafen, eng nei Ronn vun der Tripartite.

Ech wëll virun allem un d'Adress vun de Kolleege vun der DP a virun allem un d'Adress vum heitege Wirtschaftsminister Henri Grethen soen, dass mer selten esou d'Gefill haten, dass déi Tripartite-Diskussiounen iwwert dat wat do ze geschéien huet, an ech géif soen, dass den Aarbechtsminister sech vill Méi ginn huet, fir innerhalb vun der Kommissioun an och heiansdo hei innerhalb vum Plenum ze diskutéiere wat an der Tripartite diskutéiert a geschéie soll. Mä ech mengen awer, dass de reellen Afloss, déi Propositiounen, déi hei gemaach gi sinn a Form vu Motiounen, a Form vu Virschléi, selten esou wéineg agefloss sinn an dat wat sech als Resultat opgrond vun der Tripartite-Ronn do ofzeechent. An ech muss soen, dass wann ech mer nach eng Kéier erëm memoriséiere wat hei virun allem den Henri Grethen an der Vergaangenheet iwwert déi ondemokratesch Prozedur an d'Aushielegung vun de Prerogative vun der Chamber gesot huet, da muss ech feststellen, dass ech an dëser Diskussioun an deene leschte Wochen a Méint net ee vun der DP, weder an der Kommissioun nach hei héieren hunn dee sech Suerge gemaach huet, dass do hannert zouenen Dieren a bei Ausschloss vun der Chamber déi Diskussiounen do gefouert gi sinn.

Dës Institutioun behält eist Vertrauen. Mä mir huelen eis grad esou wéi an der Majoritéit an de Joren 1997 an 1998 och haut an der Oppositioun d'Recht fir ze kommentéieren a Froen ze stellen iwwert dat wat diskutéiert an zréckbehale gëtt an och eis Skepsis ze soen. Ech erënnere mech un eng Diskussioun, déi mer eng Kéier zesummen op der Televisioun haten, dass de Statsminister deemools gesot huet, all Kéier da wann en ze entscheeden huet tëschent der Tripartite an der Chamber ass seng Décisioun ëmmer déi, dass d'Chamber d'Décisioun muss priméieren an deementspriechend, mengen ech, ass et och un der Chamber fir ze kommentéiere wat do leeft. Dat ass kee Vase clos, deen do ofleeft, mä ech mengen dass mer eis d'Recht mussen huele fir hei eis Meenung ze soen. An dofir ass eis Enttäuschung, ech soe ganz prezis, och grouss, wa mer gesinn dass dës Ronn, an ech zitéieren dann de Statsminister, „net innovéiert, mä nëmme konservéiert".

D'Diskrepanz tëschent der Brisanz vum Problem haut dobaussen um Terrain an dem Null-Resultat schléit net nëmmen der LSAP, mä ech mengen och engem gréissere Publikum dobaussen an d'Aen. Méi wéi 1998 hätt 2003 en Opbroch in-

nerhalb vun der Tripartite missen déclenchéiert ginn, anstatt dass sech d'Sozialpartner praktesch géigesäiteg blockéieren an dann, well een dann net weider kënnt, op 2006 oder 2007 vertagt. An ech muss och soen, dass d'Reaktioune vun de Sozialpartner op d'Ried vum Statsminister jo an deem Sënn och alles aussoen. Et gëtt begréisst, dat wat net geschitt. D'Gewerkschafte begréissen, dass et net zu enger Zerschloung vum Aarbechtsrecht kënnt. Mä wien huet déi gefuerdert? Si begréissen, dass den Index net ofgeschaaft oder wéi och ëmmer geännert gëtt. Mä ech mengen, dass et am politesche Raum, dat hu mer jo erlieft an deene leschten Deeg, eng Unanimitéit gëtt, fir net dorunner ze goen, an op där anerer Säit begréissen d'Patronen, dass et net zu enger Augmentatioun vun de Lounniewekäschte kënnt. Ech mengen, och am politesche Raum gëtt et keen, am Géigendeel, deen net der Meenung ass, dass mer um Niveau vun de Lounniewekäschten eng Tromp, déi mer haut hunn, och an Zukunft solle bewahren.

An ech hu mat Intérêt, och wann ech quant au fond oft net mat em d'accord sinn, de Kommentar vum Lucien Thiel um Radio am Verbatim nach eng Kéier nogelies, deen d'Tripartite-Ronn e bësse kommentéiert huet an deen zum Schluss seet: „allerdéngs ass soss net vill geschitt, ausser dass eng nei Kommissioun elo déi Kompetitivitéit am A behale soll", an e seet zum Schluss: „dat alles getrei deem neie Motto vum Lëtzebuerger Modell, mir wëllen hale wat mir hunn".

An ech géif och nach dobäi soen, dass den Avis vum Wirtschafts- a Sozialrot sech jo kennzeechent doduerch, dass sech do géigesäiteg blockéiert ginn ass mat eben dem Resultat, dass en Avis erauskomm ass, deen e Ventre mou ass, deen am Prinzip net eng kloer Richtlinn opweist, wou d'Lëtzebuerger Land sech um Gebitt vun der Wirtschaft, dem Aarbechtsmaart an och der sozialer Sécherheet soll beweegen. Et kann ee bal scho fäerten, dass mer amgaange sinn an eng blockéiert Gesellschaft eranzegoen, och blockéiert an eise Käpp, an ech mengen dat ass ee vun de Virwërf, deen een der Regierung muss maachen, dass se net an der Tripartite ebe just dee Geescht gespillt huet fir och innovativ ze sinn, besonnesch an engem Moment wou d'Lëtzebuerger sech ganz vill Suergen op dem Niveau vum Aarbechtsmaart maachen.

D'Grënn fir dës Null-Nummer, hunn ech gesot, leien eben och bei der Regierung, sief et dass de Positionnement vun der Regierung an enger Rei vu Froen, wann ech nëmmen deen huele vun der Aarbechtszäitorganisatioun oder eemol net ze schwätze vun Aarbechtszäitverkierzung, vläicht besonnesch schwiereg, wann net souguer onméiglech war, sief et dass wéinegstens an Deeler eng schlecht Preparatioun war, wat bedauerlech ass, well den Datum vun dem Erfall vun eenzelne Mesurë jo praktesch säit dem Ufank vum Gesetz, also Ufank 1999, bekannt ass, sief et awer och, hunn ech an der Kommissioun jiddefalls vu Majoritéitsvertrieder héieren, dass natierlech esou no bei de Wahlen, 12 Méint virun de Wahlen, d'Zäit ze no wier, fir ze vill de Kapp aus der Fënster eraus ze stiechen, also politesche Courage ze weisen, fir eng Rei vu Saache wierklech och unzepaken.

An d'Froen, déi d'LSAP ze stellen huet un d'Regierung an deem Zesummenhank, si ganz einfach. Wat fir eng Äntwert gi mer deem Tripartite-Resultat an där Null-Nummer op déi eesäiteg Flexibiliséierung, déi mer säit véier Joer um Terrain an der Duerchféierung vun de Moossname vum PAN erliewen? Et gëtt elo anscheinend e Konsens, dass mer méi Erfahrung bräichten, dass mer nach e puer Joer missten drunhänken, fir wierklech sécher ze sinn an ze kucke wéi dat sech ausdehnt.

Net nëmmen, an den Här Glesener ass mäin Zeien heibäi, hunn eis d'Sozialpartner schonn am Januar 2000, do war d'PAN-Gesetz nach bal net a Kraaft, an engem Hearing hei an der Chamber gesot, dass se sech elo scho sécher wären, dass dat Gesetz do zu enger eesäiteger Flexibiliséierung géing féieren, an zweetens hunn eis d'Patronatsorganisatiounen och deemools am Januar 2000 scho gesot, si géifen am Dram net drun denke fir déi Moossname vun der Aarbechtszäitverkierzung, déi am Gesetz am Artikel 43 enthale sinn, iwwerhaapt unzewenden. Si géingen am Dram net drun denke fir hire Leit um Terrain den Direktiounen, de Personaldirektiounen an de Betriber déi do Richtlinn ze ginn. An ech hunn dann och an den Zeitungen Zitater geholl, Här Glesener, vum LCGB, fir sécher ze sinn, dass ech net kann ënnerschobe kréien hei net objektiv erëm ze ginn. Ech huele ganz rezent Zitater, déi no der Tripartite-Ronn gesot gi sinn.

Op den 1. Mee-Organisatioune vun dem LCGB seet hire President, den Här Robert Weber, ech zitéieren d'Lëtzebuerger Wort: „Der LCGB-Vorsitzende zog eine ernüchternde Bilanz einzelner Aspekte des PAN-Gesetzes. Bei den Kollektivvertragsverhandlungen missachtet die Arbeitergeberseite zum Beispiel systematisch die Tripartiteabmachungen zum Thema Arbeitszeitverkürzung." Dat ass dat wat den 1.Mee gesot ginn ass, an ech hu méi rezent nach, den 13. Mee an deem selwechte Lëtzebuerger Wort eng LCGB-Tagung vun hirem Syndikat, Metallverarbeitung und Industrie, nogelies, wou den zoustännege Sekretär seet: „ Noch immer etwa stosse man bei den Arbeitgebern auf taube Ohren wenn es um neue Modelle der Arbeitszeitorganisation in Verbindung mir kürzeren Arbeitszeiten gehe."

Dat ass de Constat, deen ech maachen, an dat wonnert mech dann, wann ech gesinn dass also da gesot gëtt, mir hunn net Zäit genuch, wann do vun där Säit, an ech kënnt och elo aner Gewerkschaften hannendrun nennen an ech kënnt op där anerer Säit och Patronatsstëmmen zu deem Constat bréngen.

***(Interruptions diverses)***

An ech muss soen, dass wann ee wéi den LCGB-President den 1. Mee seet, et gëtt e Broch an der Tripartite, wann do den Index a Fro gestallt gëtt an en Découplage gemaach gëtt vum Congé parental an dem Congé de maternité, wann een d'Lat esou héich oder esou déif leet an esou virun, fir dann ze soen, ënnert deene Konditioune si mer net méi d'accord. Wann dat déi Lat ass, déi do gesat gëtt, da muss ech soe sinn déi Aussoen, déi hei gemaach ginn an déi all Dag vun de Gewerkschafte gemaach ginn, da froen ech mech allerdéngs wéi een zum Konsens kënnt, dee mir net deelen, fir elo ze soen, mir mussen nach véier Joer waarden a mat der Gefor zum Deel, dass ee Moment an der Diskussioun jo war, fir dann net méi en Datum dran ze setze wou en Erfall vun deene Moossname géif kommen, wat se dann definitiv zementéiert hätten.

Mir si säit dem Dépôt vun der Proposition de loi, déi de Kolleeg Jeannot Krecké an ech gemaach hunn, der Meenung, dass mer um Niveau vun dem PAN méi contraignant Méiglechkeeten eis musse schafen, an de Statsminister huet jo an de Raum gestallt, dass mer méi contraignant Moossname brauche fir dass dat Spill do, déi Flaksecurity, fir dat Wuert ze huele wat 1998 an 1999 jo eent war wat mer gemengt hu wëllen duerchzesetzen, wat mer als Chamber deemools wollten och wierklech ëmgesat kréien. An da froen ech mech wat fir eng Äntwert mer ginn op de Präis, deen eis Salariéen alleguerten dobaussen an de Betriber droe fir méi Flexibilitéit, fir méi Produktivitéit, fir erhéicht Aarbechtskadenzen, fir eng laang, reell Aarbechtszäit, déi et zu Lëtzebuerg gëtt.

Wann een d'Donnéeë vergläicht vu Lëtzebuerg mat den Nopeschlänner, dann hu mer mat ronn 41,2 Stonnen d'Woch eng reell Aarbechtszäit, déi immens héich ass par rapport zum Beispill zu Däitschland oder par rapport zu Frankräich. Ech mengen also, dass e Präis fir déi Flexibilitéit an deen Asaz, déi do gebuede ginn, noutwendeg ass, an dofir hu mer déi Iddi vun der Verallgemengerung vun der sechster Urlaubswoch ënnerstëtzt, net well mer mengen, dass eng sechst Urlaubswoch zousätzlech eise Problem vun dem Aarbechtsmaart léist, mä well et e Präis ass fir deen Asaz, dee verlaangt ginn ass.

Ech menge mir waren esou raisonnabel, dass mer an der Proposition de loi gesot hu mir hätten déi elo emol gären an enger éischter Phas fir all déi Leit, déi Schichte schaffen an ënnert schwéierste Konditioune schaffen, fir dann an der nächster Legislaturperiod ze kucken, ob mer dann eng Verallgemengerung fir de ganze Salariat maache kéinten.

Ech hunn nogelies wat de Wirtschaftsminister Henri Grethen elo a senger Ried bei der Foire gesot huet iwwert d'Produktivitéit. Dat ass sécherlech fir Ekonomisten ganz richteg. Hie seet: D'Produktivitéit besteet aus dräi Bestanddeeler: dat ass d'Qualitéit vu Produkten an Déngschtleeschtungen, dat ass e steierlecht a rechtlecht Ëmfeld, wat favorabel ass, an dat sinn d'Lounkäschten.

Eiser Meenung no, an där Gesellschaft wéi mer se haut hunn, spréngt esou eng Definitioun vu Produktivitéit e bësse kuerz, well mer mengen dass d'Qualitéit, d'Aarbechtsqualitéit, d'Liewensqualitéit vun de Salariéen, hir Motivatioun innerhalb vun de Betriber, hir Qualifikatioun haut och e ganz wichtege Bestanddeel vun der Produktivitéit a vun der Definitioun vu Produktivitéit misst sinn, déi ebe just hei an den Diskussiounen och vill méi hätt misse berücksichtegt ginn.

Wat fir eng Äntwert op d'Dramatik vu kollektiven Entloossungen, wann net déi vun der Verbesserung vum legalen Arsenal? Och hei hunn ech nach gëschter am Lëtzebuerger Wort gelies, souguer an der Iwwerschréft vun enger Tagung vum LCGB, wou steet: „Gesetz über kollektive Entlassungen verbessern". Ech gesinn awer näischt an deem Deal, deen elo innerhalb vun der Tripartite erauskomm ass fir och hei dofir ze suergen, dass mer um gesetzgeberesche Plang besonnesch d'Rechter vun de Gewerkschaften, déi an deem Gesetz onzefriddestellend geregelt sinn, verbessere kënnen, well dass mer all Kéier duerch d'Fauscht op den Dësch schloe vum Statsminister, wéi et an engem Fall geschitt ass, kënne verschidde Saache réckgängeg maachen, dorunner kënne mer net gleewen. Mir mussen also och um Niveau vum Arsenal diskutéieren.

Wat fir eng Äntwert hu mer op déi eiser Meenung no an der Tëschenzäit iwwerdriwwen Notzung vun den CATen? Mir hu jo eng laang Geschicht do. Dat ass jo näischt Neies. Am Juni 1978 hu mer fir d'éischte Kéier déi Kontrakter do gemaach, déi am Ufank DAT-Kontrakter waren an anerer, déi mer verschmolz hunn an déi sécherlech hire Succès hunn. Et ass sécherlech déi Moossnam, déi am meeschte Succès huet, mä et däerf ee sech awer och do näischt virmaachen.

Wann am öffentlechen Déngscht beim Stat a bei de Gemenge an der Tëschenzäit vill honnerte vun CATe gebraucht ginn, dann hunn ech heiansdo d'Gefill, dass verschiddener vun deenen et maachen, sief et well se duerch den Numerus clausus keng Leit era kréien an einfach dann iwwert deen dote Wee fueren, oder sief et bei villen aneren och, well et dach awer ganz bëlleg Aarbechtskräfte sinn, wann ee weess wéi vill Prozent d'öffentlech Hand, also de Fonds pour l'emploi bäileet. Ech menge mir mussen aus där Logik erauskommen, dass hei eppes gemaach gëtt just als reng Beschäftegungstherapie.

Dofir ass och elo d'Verweisen op eng grouss Reform vum Aarbechtslosegesetz, wou dat doten da soll dra kommen, fir eis keng Äntwert. Mir hätte léiwer gehat, wann de PAN a senger Gesamtheet, a senger Vernetztheet, révisséiert gi wier mat all deenen Elementer do, amplaz dass mer elo e Saucissonnage maache vu verschiddene Gesetzer, déi op déi Froen do eng Äntwert solle ginn.

Ech mengen datselwecht gëllt, an den Aarbechtsminister ass sécherlech do grad wéi mir onzefridde mat der Aart a Weis wéi schnell Verschiddenes ëmgesat gëtt, wann ee weess dass hien, grad esou wéi vill anerer, Problemer mat senger Ongedold heiansdo huet. Mir hate jo vill Diskussioune mat der Kommissioun a mat der Adem selwer, mä wann ee gesäit wéi schwiereg, wéi schleppend d'Ëmsetzung vun engem vun deene wichtegsten Elementer vun der PAN war, nämlech wat de Parcours d'insertion individuelle sollt ubelaangen, da brauche mer do ganz nei Äntwerten an ech géif och mengen, dass wann ee gesäit dass haut Placeuren an deenen eenzelnen Arbeitsämter 450 Dossiere mussen traitéieren, da wësse mer och do, dass eng proaktiv Politik ëmmer méi schwéier gëtt.

Dat Tripartitesresultat ass also eng schwaach Äntwert, eng dënn Zopp eiser Meenung no op déi aktuell Situatioun. Bezeechnend ass och dat wat een als Gadget kéint bezeechnen, fir eben d'Aarbechtszäitverkierzungen och elo drun ze hänke beim Ofbau vun Aarbechtsplazen, wann een datselwecht mécht wéi et haut am Artikel 43 ass. Den Artikel 43 haut ass en Nullresultat. Keen eenzege Kontrakt ass an de Betriber op deem Gebitt vum Artikel 43 gemaach ginn. Wa mer en also d'selwecht agencéieren och an der Fro, wann e beim Ofbau vun Aarbechtsplaze kéint mathëllefen ze reagéieren, da soen ech lech elo schonn da wäert et och an der Zukunft en Nullresultat bleiwen. Dëst Resultat reit sech also perfekt an.

Ech hunn d'Aufgab gären, fir all sechs Méint dem Aarbechtsminister e klenge Bilan ze maachen, fir dass hien net ze vill euphoresch gëtt a mengt, dass d'Zuel vu Pressekonferenzen a vun Etüden duer geet fir d'Fakten, déi um Terrain effektiv spillen, a Fro ze stellen. Zwielef Méint virum Enn vun der Legislaturperiod hu mer nach keen neit Kollektivvertragsgesetz an ech muss soen ech war elo ganz erstaunt den Här Glesener ze héieren, dee gemengt huet mir kënnten den Avis vum Conseil d'Etat nach virun der grousser Vakanz héieren. Wa meng kleng Ouere richteg héieren hunn, dann huet de Conseil d'Etat dëse Mount mat sengen Aarbechten ugefaangen. Ech mengen et ass also vläicht verfréit unzehuelen, dass mer dat esou schnell maache kënnen, obwoul mir sécherlech drop waarden dat schnell ze maachen.

Mir hunn elo emol endlech en Dépôt vun engem Gesetz iwwert dat wat do genannt gëtt de Chômage social. Ech mengen net, dass et e Gesetz ass iwwert d'Economie solidaire, no deem bësse wat een alt scho konnt dovunner héieren, mä ech mengen dat analyséiere mer da le moment venu, wann d'Aarbechten dozou uginn.

Mir hu kee Gesetz iwwert d'Bekämpfung vu Mobbing. Ech hu vun enger Gewerkschaft, déi Iech jo vu wäitem no steet, während Méint a Joren héieren, dass mer endlech e Gesetz iwwer Mobbing brauchen. Spéitstens deen Dag, wéi d'LSAP hei e Gesetzesvirschlag gemaach huet, huet een dozou näischt méi héieren, an ech muss soen deen Avis, deen d'Regierung gemaach huet, war méi wéi dürfteg, déi Argumenter, déi gebraucht gi sinn.

Mir hu keng Reform vun der ITM, vun der Gewerbeinspektioun. Mir hunn zwar elo emol en Audit, mä ech menge wéi schwéier et ass dat ëmzesetzen, dat ass den Aarbechtsminister amgaangen, zesumme mat senge Responsablen, ze erliewen. A mir hu virun allem, an dat war d'Prioritéit Nummer eent op den 1. Mee-Feiere vun de Gewerkschaften, keng Reform vun de Matbestëmmungsgesetzer, kee Projet, keen Avant-projet an näischt. Ech mengen, dass trotz dem Bilan iwwert déi salbungsvoll Rieden, déi heiansdo gehale ginn, d'Fakte ganz anerer sinn, mais les réalités sont têtues ass déi Analys, déi mer maachen, an déi ass éischter mickreg.

Ech wéilt en zweeten a leschte Punkt huelen, fir op den Domän ze kommen, deen haut ënnert dem Motto, wéi ech gesot hunn, Vereinbarkeet vu Beruff a Famill och zu Lëtzebuerg duerch eng héich Fraequot an der Aarbechtswelt seng Bedeitung huet. Lëtzebuerg, wat a risege Schrëtter amgaangen ass aus sengen traditionelle Strukturen erauszewuessen. Ech wëll mech net mat den Zuele verléieren, wat säit dem Etat de la nation vun 2000 op deem Gebitt geschitt ass. Ech mengen allerdéngs, dass deen Usproch vun 1.100 neie Plazen am Beräich vun de Structures d'accueil, wann ee weess, dass mer elo bei ronn 300 no dräi Joer sinn, kaum wäert erreecht ginn. Mat där Dynamik, wou mer do amgaange sinn, wäerte mer bis 2005 eis Karenze kaum ausmerzen.

Wa mer awer keng nei Dynamik hei kréien, wa mer keng nei Finanzéierungsmodeller kréien zwëschent Stat a Gemengen, da wäerte mer déi eklatant Besoinen do nach weider behalen. Ech denken, dass et Zäit gëtt fir iwwert d'Defiziter vun der Familljecompatibilitéit, déi hei zu Lëtzebuerg enorm sinn, eng seriö Diskussioun ze féieren a praktesch eng nei Politik ze maachen.

Wa mer méi a Betreiungsstrukture géifen investéieren, da kéinte mer déi Kurskorrektur fäerdeg bréngen, déi noutwendeg ass. Ech hu gëschter an der Süddeutsche gelies, wat den CDU-Chef vu Rheinland-Pfalz Christoph Böhr, deen net bekannt ass zu de fortschrëttlechsten an der CDU ze gehéieren, gesot huet: „Unsere Partei, die CDU, muss endlich in der Wirklichkeit ankommen." Hei kéint een och soen: Unsere Regierung muss endlich in der Wirklichkeit ankommen.

Den Term Ganzdagsschoul léisst jo scho munchen heiansdo heibannen erzidderen als wiere mer dann um Wee an eng sozialistesch Retrorepublik, awer souguer an der CDU an an der CSU an Hessen an a Bayern si se amgaangen d'Scheiklappen hei ze verléieren. Natierlech musse mer dat op fräiwëlleger Basis maachen, awer dat wat mer am Moment zu Lëtzebuerg amgaange sinn ze maachen, an et deet mer Leed, dass d'Familljeministesch an d'Erzéiungsministesch elo net hei sinn, an dat soll mäi Propos sinn, ass net nëmmen e formidable Gâchis, mä definitiv de Wee an eng Sakgaass.

D'Structures d'accueil, d'Betreiungsstrukturen an de Primärschoulen dem Familljeministère als Kompetenz ze gi war schonn 1999 e grousse Feeler. Déi Structures d'accueil haut pedagogesch och ze verschmëlzen an de schoulesche Beräich wär eiser Meenung no de Basisfong fir de Modell vun der Ganzdagsschoul.

Ech wëll net nach eng Kéier mat der Privatschouldisskussioun ufänken, déi mer d'lescht Woch hei gefouert hunn, mä ech muss aller-

déngs soen, dass ech awer eng Roserei hei gäre lass ginn. An der Diskussioun iwwert d'Privatschoulen hunn ech hei verschidde Riedner héieren ënner anerem ze soen, dass den Tromp vun de Privatschoulen hir flexibel, modern an innovativ Betreiungsstrukture sinn, zum selwechte Moment gesinn ech da wéi de Stat, de Familljeministère, d'Betreiungsstrukture vun de Gemengen amgaangen ass an eng rigide Carcasse eranzedreiwen an domadder eiser Meenung no kapott ze maachen.

Op där enger Säit gëtt gesot et ass d'Flexibilitéit an d'Autonomie vun de Privatschoulen, déi eng Tromp ausmaachen, an dofir ginn d'Eltere haut hir Kanner an d'Privatschoulen, well do alles flott ass, an ech hunn och haut nach am Jeudi gelies, deen eng Enquête gemaach huet, dass eng Tromp vun de Privatschoulen ënner anerem den Encadrement convivial wier. Do ginn d'Leit gewaarde gelooss fir Modeller, Tariffer ze maachen, déi wierklech op d'Leit zouginn.

Mir sinn am Moment amgaange mat peniblen Tarificatiounen, mat der totaler Verbürokratiséierung, mat rigidë Konditiounen, déi mer setzen, just de Gegendeel ze maachen. Ech si frou, dass wéinstens a verschiddene Gemengen: rouder, schwaarzer, bloer an anerer e Widderstand besteet géint dat, wat do amgaangen ass ze wuessen.

Ech hoffen, dass mer mat der Familljeministesch nach eng Kéier zu enger Diskussioun kommen, well dat ass net de Wee an d'Zukunft, dat ass de Wee an d'Ghettoiséierung vun de Structures d'accueil, esou wéi se am Joer 2000 hei vum Statsminister a senger Ried vum Etat de la nation gemaach ginn ass. Wa mer dat maachen, da maache mer d'Carcasse vum ASFT-Gesetz kapott. Mir gleewen, dass d'Famill Zukunft huet. Mir gleewen, dass fräiwëlleg flexibel Strukturen noutwendeg sinn, fir virun allem och beruffstätege Fraen ze hëllefen.

Eent zum Schluss, a besonnesch vläicht an deem heite Feld, …

***(Interruption)***

Ma ech si gespaant. Am Moment erliewe mer säit Wochen a Méint just de Géigendeel.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- …dee ville Sozialismus, dat ass wouer.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Här Juncker, ech weess net, ob Der all Dag konfrontéiert sidd mat de Beamten a Fonctionnairë vu Ministèren, déi amgaange sinn eis hei eranzepressen am Optrag vun der Regierung an am Optrag vum Familljeminister. Ech soen Iech just, heibanne sëtze vill Kommunalpolitiker vun alle Parteien déi et déck sat hunn, well se mierken dass mer hei amgaange si just de falsche Wee ze goen. Ech mengen dat ass deen Appel, dee mer Iech wëlle maachen.

Ech wëll zum Schluss dofir, Här Statsminister, soen: Mat deem à la limite kannerechen Aktivismus, mat deem d'Majoritéit sech hei d'Lat virgëschter héich geluecht huet, freeën ech mech op den Etat de la nation 2004, well dat wäert definitiv fir dës Majoritéit d'Stonn vun der Wourecht ginn.

Merci.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Mä et wäert awer net meng lescht Ried sinn an deem Zesummenhang.

M. le Président.- Merci, Här Lux. Den nächsten Orateur ass den Här Schummer.

M. John Schummer *(DP)*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer meng Interventioun, déi sech op den Transport konzentréiert, mat engem Zitat aus de Konklusioune vun dem Livre blanc vun der europäescher Kommissioun „La politique européenne des transports à l'horizon 2010: l'heure des choix" unzefänken, dat Pisten opzeechent wéi den öffentlechen Transport an Europa an a senge Memberlänner an deenen nächste Joren organiséiert gi soll.

Ech zitéieren: «Une nouvelle approche du transport urbain par les pouvoirs publics locaux afin de concilier la modernisation du service public et la rationalisation de l'usage de la voiture individuelle: c'est notamment à ce prix que pourront être respectés les engagements internationaux pour la réduction des émissions polluantes de $CO_2$.» De Livre blanc seet weider, dass eng Optimisatioun vum Transportsecteur ugestrieft muss ginn a kënnt zur Feststellung: «Un système de transport moderne doit être un système durable à la fois d'un point de vue économique, social et environnemental.»

Wa mer dat doten elo hei op Lëtzebuerg transposéieren, da stelle mer fest dass dës Regierung an dësen Transportminister ganz genau an där Linn leien. Als Beispill heizou verweisen ech op de rezente Gesetzesprojet iwwert d'Neiorganisatioun vum Transport public, deen de Minister virun zwou Wochen an der Chamber déposéiert huet. Dëse Projet mécht a verschiddenen Hinsichte Referenz op de Livre blanc, wéi een et am Exposé des motifs vun dësem Gesetz noliese kann.

Ass d'Aussschaffe vum IVL, dem integrative Verkéiers- a Landesplanungskonzept, net grad just dozou ugedoen ëm eng nohalteg Aart a Weis der Entwécklung vun eiser Gesellschaft a vun eisem Land Rechnung ze droen, dat mat Rücksicht op déi wirtschaftlech, op déi sozial an op déi ekologesch Aspekter? Den IVL stellt jo och d'Basis fir de Plan sectoriel transports duer an d'Strategie „Mobilitéit.lu" ass e kohärente Bestanddeel dovunner.

Wat wëll ech heimadder beweisen? D'Transportpolitik, déi vum aktuellen Transportminister viru gedriwwe gëtt, baut op kloer Parameteren op, déi engem kohärente Konzept ënnerleien. Den DP-Minister ass deen éischten Transportminister, dee säit ville Jorzéngten erëm Eisebunnsstrecke baut. Den Henri Grethen huet dësen Dossier säit hien am Amt ass voluntaristesch a konsequent ugepaakt. Wann d'EU-Kommissioun sech en Objektiv setzt am Hibléck op 2010, da kuckt eise Minister vill méi wäit.

Den DP-Minister kuckt bis 2020. Hie kuckt opgrond vun deenen Donnéeën, déi him am Kader vun der Elaboratioun vum IVL schonns zur Verfügung stinn, wéi eist Land sech bis 2020 wäert entwéckelen. D'Objektiv, wat den Transportminister sech do ginn huet, ass fir um Landesniveau e Modal split fir den öffentleche Verkéier vu 25% am Joer 2020 ze erreechen.

Ech hu gesot de Minister Grethen hätt deen Dossier vun Ufank u voluntaristesch a konsequent ugepaakt. Hei d'Eckwäerter vu sengem Handele bis haut. Am Juli 2000 huet d'Chamber en éischte Projet de loi, deen d'Gesetz vum 10. Mee 1995 iwwert d'Gestioun vun der Eisebunnsinfrastruktur amendéiere soll, adoptéiert. De 24. Januar 2002 huet den Henri Grethen d'Strategie „Mobilitéit.lu" zum Deelaspekt Schinneverkéier virgestallt.

Den 18. Abrëll 2002 ass e weidere Projet de loi, deen d'Gesetz vum 10. Mee 1995 iwwert d'Gestioun vun den Eisebunnsinfrastrukturen amendéiere soll, hei an der Chamber déposéiert ginn. Den 8. Oktober 2002 huet de Minister nach e Projet de loi, deen datselwecht Gesetz erëm mat weideren Infrastrukturprojeten ergänze soll, och hei déposéiert.

Déi zwee Projete sinn de 14. Mee 2002 hei an der Chamber adoptéiert ginn a si gesi konkret Mesurë fir d'Ëmsetzung vun der Strategie „Mobilitéit.lu" vir. Mat 890 Milliounen Euro, zirka 36 Milliarden aler Lëtzebuerger Frangen, engagéiert de Stat domadder déi gréisste finanziell Enveloppe vun dëser Legislaturperiod. Den 11. Februar 2003 huet den Henri Grethen de Projet de loi, deen d'Realisatioun vun der Eisebunnsverbindung op de Findel iwwert de Kierchbierg virgesäit, och hei am Haus déposéiert.

Vun esou engem Palmarès kënnen dem Henri Grethen seng Virgänger nëmmen dreemen. Ech géif de Vertrieder vun der Lëtzebuerger sozialistescher Aarbechterpartei folgend Zitat vum Sören Kierkegaard un d'Häerz leeën, éier se Interpellatiounen ufroen a Pabeiere verfaassen, wou hir Alternativlosegkeet nëmmen nach ëmmer méi zum Virschäi kënnt: „Nur wer wesentlich schweigen kann, kann wesentlich reden."

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann d'europäesch Kommissioun an hirem Livre blanc seet de Service um Client misst verbessert ginn, dann ass dee Projet de loi iwwert d'Transports publics sécherlech och ee vun deem d'Haaptelementer dëst Zil erreeche wäerten. D'Haaptakzenter vun dësem Projet de loi sinn déi folgend:

1. En zesummenhängend Konzept fir de gesamten öffentlechen Transport.

2. D'Schafe vun engem neie legale Kader vun dëser Organisatioun, ouni awer den aktuelle System vun den Autorisatioune vun de Buslinnen an hiren Exploitatiounen a Fro ze stellen.

3. D'Gestioun vum öffentlechen Transport nei ze organiséieren, déi enger sougenannter Autorité organisatrice ënnerstallt gëtt, déi d'Form vun engem Etablissement public kréie soll.

4. Déi Autorité organisatrice soll och d'Aufgabe vun enger Mobilitéitszentral iwwerhuelen.

5. D'Gemenge solle méi an d'Organisatioun vum öffentlechen Transport mat agebonne ginn.

6. D'Clientë sollen iwwert de Wee vun engem Comité des usagers associéiert ginn.

7. A last but not least soll d'Sécherheet vum Client duerch besser strukturéiert Kontrolle nach méi garantéiert ginn.

De Kader ass also gesat oder ass amgaangen aktiv virbereet ze gi fir den öffentlechen Transport op d'Erausfuerderunge vun den nächste Jore konsequent ze preparéieren. Ech widderhuelen d'Stéchwierder nach eng Kéier: integratiivt Verkéiers- a Landesplanungskonzept, Plan sectoriel transports, Mobilitéit.lu, neit integréiert Exploitatiounskonzept fir Zuch a Bus an d'Organisatioun vum öffentlechen Transport hei zu Lëtzebuerg. Mä dat geet sécherlech net duer. Och muss een dat néidegt Material zur Verfügung hunn.

Ech wëll hei just nach eng Kéier un déi impressionant Commanden erënneren, déi d'Eisebunn an deene leschte Méint op Dränge vum Transportminister hi gemaach huet, fir hiert Rullmaterial opzestocken. Bis 2004 ass jo virgesi fir 57 sougenannte Wegmann-Wagonen ze ersetzen, déi 36 respektiv 38 Joer al sinn. Et ass och virgesi fir déi elektresch Zuchmaschinnen, déi 28 respektiv 32 Joer al sinn, ze ersetzen. Dat Material gëtt actuellement d'Méiglechkeet vu 6.682 Sëtzplazen a wann Der den Alter dovunner héiert, da kënnt Der Iech virstellen, dass et effektiv allerhéchst Zäit ass dat ze ersetzen an duerch zousätzlecht Material, ënner anerem Train-Tram-Material, ze ergänzen.

Dëse Programm fir d'Uschafung vun neiem Matériel roulant gëtt ergänzt duerch d'Moyens budgétaires, déi dës Regierung sech ginn huet, déi de Stat der CFL duerch dat neit Gesetz zur Verfügung stellt fir deen neie Centre de maintenance et de remisage um leschte Steiwer (Dernier Sol) kënnen ze bauen.

Den Henri Grethen huet och d'CFL-Direktioun opgefuerdert a gefrot si soll him eng kohärent Strategie fir den Transport iwwert d'Schinn hei zu Lëtzebuerg virleeën, wat déi mëttel- a laangfristeg Usprécher un d'Capacitéiten um Niveau vun den Infrastrukturen an dem Rullmaterial ubelaangt a wat virun allem hir Positionéierung an engem europäesche Maart ugeet. Ech brauch net nach eng Kéier ze widderhuele wéi prekär d'Finanzsituatioun vun der CFL am Beräich vum Wuerentransport ass, wou si d'Autonomie de gestion säit 1997 hunn.

Den Transportminister huet d'CFL ausserdeem verantwortlech drop higewisen, dass hire kontraktuellen Optrag a puncto Organisatioun vum öffentleche Schinnentransport net nëmmen d'Organisatioun mä och d'Verpflichtung beinhalt fir fir neit zäitgeméisst Material ze suergen, dat der Capacitéit an de Confortusprécher vun enger séier wuessender Clientèle och gerecht gëtt.

D'CFL hunn anzwëschen déi néideg Démarchen ënnerholl fir dat aalt Rullmaterial géint neies auszetauschen an esou en neie Fuhrpark ze erstellen, deen eng Capacitéit vun 22.636 Plaze wäert hunn, wat Investissementer an der Héicht vun 386 Milliounen Euro, dat heescht 16 Milliarden aler Lëtzebuerger Frangen, entsprécht.

An deem Budget sinn dann awer nach net d'Lokomotiven dran. Zwielef elektresch Automotricë si bestallt, déi zwëschent 2004 an 2006 wäerte geliwwert ginn. Weiderhi si 85 Duebelstack-Wagone bestallt ginn, wou déi éischt och ab November 2004 wäerte geliwwert ginn.

Ausserdeem sollen deemnächst och 40 Wagone fir den Train-Tram-Betrib bestallt ginn, déi tëschent 2005 an 2009 wäerten op Lëtzebuerg geliwwert ginn. A wat d'Lokomotiven ubelaangt, esou sinn där 20 Stéck bestallt ginn, déi ausschliesslech fir den Transport vun de Persoune bestëmmt sinn, déi sollen tëschent 2004 an 2005 disponibel sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir kënnt also feststellen, datt d'Eisebunn parallell zu deene grousse Projeten, déi virgesi sinn, fir eisen öffentlechen Transport op d'Zukunft virzebereeden, sech ebenfalls preparéiert. Ze hoffe bleift, dass d'CFL sech och an deene Beräicher, wou si d'Autonomie de gestion huet, eng kloer Strategie gëtt, déi hëlleft sech an engem offene gemeinsame Maart zurecht ze fannen an och an deem gemeinsame Maart net nëmmen zurecht ze fannen, mä och finanziell kënnen ze iwwerliewen.

Jiddefalls awer läit den Transport public zu Lëtzebuerg net brooch, a steet net um Rangéiergleis, esou wéi verschidde Leit aus dem Bréisseler oder dem Stroossbuerger Exil - de Premier géing vun ausrangéierte politeschen Outsiderë schwätzen - et gäre géingen erbäirieden. De Statsminister huet en Dënschdeg op dëser Plaz gesot, dass „Weises gëllt". Abee, den Transportminister ka soen: „Pari tenu".

Den Transportminister huet d'Weiche gesat fir d'Zukunft vum öffentlechen Transport hei zu Lëtzebuerg. D'DP-Fraktioun ass iwwerzeegt, dass dësen Transportminister an dës Regierung resolut déi ageschloe Richtung anhale wäerten a schwätzt hinnen hiert vollt Vertrauen aus.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Schummer. Als leschte Riedner haut de Moie kënnt den Här Lucien Clement. Hien ass ageschriwwe fir 15 Minutten, eou dass mer kënne rechnen, dass mer véirel op zwielef hei de Moie fäerdeg ginn.

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, genee virun engem Joer hunn ech hei op dëser Tribün folgendes gesot an ech zitéieren dat: Am Moment profitéieren déi Lëtzebuerger Betriber nach ëmmer vun engem relativ gudde wirtschaftlechen Ëmfeld. Och wann de Wirtschaftswuesstum fir 2002 héchstwahrscheinlech zolidd méi niddreg ausfält wéi an de Jore virdrun, ass e bei eis zu Lëtzebuerg nach ëmmer méi héich wéi an deene meeschten anere Länner vun der Europäescher Unioun. Op där anerer Säit hu mer awer keng Garantie, datt et eis wirtschaftlech ëmmer esou gutt geet, wéi dat bis elo de Fall war. Dofir ass et néideg a wichteg schonn haut d'Zukunft fir muer an iwwermuer virzebereeden.

Ech denken, datt ech mat dëser Analys net esou falsch louch. Mir befannen eis haut an engem ekonomesche Kontext, deen eis, wa mer eis als politesch Mandatéiert eescht huele wëllen, wierklech zum Handelen opfuerdert. Och de Mëttelstand an an der Haaptsaach déi handwierklech Betriber si vun dëser moroser Wirtschaftslag betraff. Et ass allerdéngs esou, datt deen ee Secteur oder deen ee Betrib vläicht méi dovu betraff ass wéi deen aneren. Virun allem am Kontext vun der ekonomescher Diversifikatiounspolitik spillt d'Handwierk mat 140 verschiddene Beruffssparten nach ëmmer eng wichteg a virun allem och eng gewichteg Roll hei zu Lëtzebuerg.

Dofir ass et immens wichteg, dass niewent dem klasseschen Handwierk am Secteur vun der Konstruktioun an der Liewensmëttelbranche haut och an anere Sparte versicht muss ginn d'Aktivitéit auszebauen. Ech denken do beispillsweis un de Medien- a Kommunikatiounsstanduert Lëtzebuerg, un d'Fuerschung an un d'Informatiounstechnologien, wou sech mat Sécherheet nei Nische fir Lëtzebuerg opdoe wäerten.

Ouni elo hei mat statisteschen Zuele wëllen ze operéieren, denken ech awer, datt de Konjunkturréckgank besonnesch de Bausecteur getraff huet. Dofir ass et wichteg, dass déi grouss Investitiounsprojeten, déi am pluriannuellen Investitiounsprogramm enthale sinn, oprecht erhale ginn. Et wier an där heiteger Situatioun sécherlech e schlecht Signal a virun allen Déngen e falscht Signal, wa mer géife vun dëser Politik ofréckelen. Et wier och e Signal wat mat Sécherheet negativ Folge fir de Bausecteur hätt. Verschidde Beruffschamberen hate scho beim Budget 2003 d'Orientatioun vun der Regierung ervirgehuewen, fir déi antizyklesch Ausrichtung vun den Investitioune bäizebehalen.

Doriwwer eraus musse mer awer och déi legislativ Projeten ëmsetzen, déi de Bausecteur an d'Handwierk onmëttelbar betreffen. Ech denken do un éischter Stell un d'Marchés-publics-Gesetz, wou ech frou sinn, datt mer dëse wichtegen Text trotz dem Här Henckes senger Verzögerungstaktik dës Woch awer nach konnten évacuéieren.

Als zweet legislativ Prioritéit wëll ech d'Reform vum Droit d'établissement ufëieren. Déi lescht grouss Reform geet op d'Gesetz vum 28. Dezember '88 zréck. Am Laf vun 2002 huet d'Chambre des Métiers zesumme mam Ministère des Classes moyennes eng ganz Rei vu Propositiounen op den Dësch geluecht, déi sech op zwou grouss Axe konzentréieren. Zum enge geet et drëm fir datt déi handwierklech Betriber sech méi flexibel or-

ganiséiere kënnen. Och an Zukunft muss den Niveau vun der Qualifikatioun vum Chef d'entreprise op engem héijen Niveau gehale ginn. Elei spillt d'Gestion d'entreprise och fir de klenge Patron eng ëmmer méi wichteg Roll.

Zum anere gëtt d'Lëscht vun de Beruffer nei aménagéiert, dat heescht op där enger Säit, datt ee verschidde Beruffer fusionéiert, an op där anerer Säit, datt een nei Beruffer schaaft. Dëse Projet wäerte mer deemnächst an der Kommissioun an hei am Plenum diskutéieren.

En anert Gesetz wat de Minister vun de Classes moyennes op den Instanzewee ginn huet ass d'Reform vun der Loi-cadre fir de Mëttelstand. Zum enge muss méi an den Investissement non-corporel investéiert ginn, dat heescht an der Haaptsaach an nei Breveten, nei Lizenzen, nei Iddien, esou wéi an de Wëssens- an Technologietransfert, fir d'Schafung vun neien Entreprisen ze förderen. Zum anere gi fir d'Entreprisen nei Ureizer geschaaft, fir hir Aktivitéiten ëmweltfrëndlech an op eng nohalteg Aart a Weis auszeriichten. D'Entreprisë ginn doriwwer eraus incitéiert fir verstäerkt an d'Fuerschung ze investéieren. Last but not least soll an der Liewensmëttelbranche e Regime mat Instrumenter a Methode geschafe ginn, deen d'Traçabilitéit vun der Qualitéit vun der Produktioun verbessert an d'Liewensmëttelsécherheet och weiderhin assuréiert. Dës Mesure huet d'Chamber an hirem Débat iwwert d'Liewensmëttelsécherheet och esou an där Form formuléiert.

Wa mir nei Innovatiounen an den handwierkleche Betriber wëllen, da komme mer mat Sécherheet net derlaanscht fir iwwert d'Integratioun vun neien Informatiounstechnologien an de Betriber ze diskutéieren. An dësem Beräich kënne mir zu Lëtzebuerg duerchaus vun enger gréisserer Success-story diskutéieren.

No enger Analys vum CEPS/INSTEAD ginn et ëmmer méi Lëtzebuerger Betriber, déi op Informatiounstechnologië virbereet sinn. Déi Analys, déi d'lescht Woch virgestallt ginn ass, seet, datt praktesch 97% vun de Betriber hei zu Lëtzebuerg informatiséiert sinn. 87% vun de Betriber, déi informatiséiert sinn, hunn och en Accès op den Internet. 65% vun dëse Betriber hunn eng Internetsäit, 68% vun de Betriber maachen hir Achaten doriwwer a 16% vun den informatiséierte Betriber maachen och hir Vente en ligne.

Et däerf ee sech awer elo net onbedéngt op dëse Resultater ausrouen, well trotz deem leschte Sprint ass Lëtzebuerg nach ëmmer net am europäesche Spëtzepeloton. An dësem Kontext sief och nach ervirgehuewen, datt d'Chambre des Métiers am Konzept eHandwierk e performant Instrument an d'Liewe geruff huet, wat déi kommunikativ an informativ Relatioune mat de Clienten esou wéi déi intern Gestioun nohalteg verbessert.

Dir hutt gesinn, datt mer op dësem Terrain Retarden, déi mer do haten, zu engem groussen Deel wett gemaach hunn. Wichteg awer fir dëse Prozess weiderhin ze beschleunegen a virun allem ze sécurisëieren ass, datt mer esou séier wéi méiglech e Gesetz iwwert d'Signature électronique kréien.

Här President, ech muss och ëmmer erëm dorop hiweisen, datt den Image vum Handwierk an der Gesellschaft, mä notamment bei deene Jonken, muss opgebessert ginn. Hate mer 1985 nach 1.700, bal 1.800 Léiermeedercher- a Bouwen, esou hu mer der 2002 nach 1.395. An deene leschte Jore sinn trotz Ustrengunge säitens dem Handwierk eng 300 bis 350 Léierplaze pro Joer net besat ginn.

Den Image vum Handwierk als leschten Auswee no enger verpatzter schoulescher Carrière gëtt de Chancen, déi haut ëmmer nach am Handwierk leien, sécherlech net gerecht an hëlleft de part et d'autre och kengem hei am Land weider.

Ech weess, datt hei un engem Projet de loi geschafft gëtt. Ech wëll och net méi all Virschléi, déi ech schonn zu dësem Thema hei op der Tribün gemaach hunn, widderhuelen.

***(Interruption)***

Jo, ech war en Dënschdeg net hei, Här Biltgen, wéi dee ganze Pak deponéiert ginn ass. Ech huelen un, datt en do derbäi war.

Eleng wéinst der Tatsaach, datt an dëser vu klammende Chômagezuele gepräegter Zäit 350 Léierplazen net besat gi sinn, mengen ech, ass et derwäert, datt ee sech awer nach eng Kéier Gedanken doriwwer mécht. Wéi kann een d'Léier méi attraktiv maachen?

Et gëtt do mat Sécherheet Méiglechkeeten am prakteschen Oflaf, mä virun allem muss och eng Léier finanziell, menger Meenung no, gläichgestallt gi mam Mindestloun, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn.

Wéi gesot, Här President, ech wëll mech do net ëmmer widderhuelen, mä dës Virschléi hunn ech ganz am Detail bei de Budgesdiskussiounen d'lescht Joer gemaach an et kann ee se och do noliesen.

En anert wichtegt Uleies vu menger Interventioun sinn déi aarbechtsmaartpolitesch Moossnamen, déi do si fir deene Leit ze hëllefen, déi keng Aarbecht hunn, oder deenen ze hëllefen, déi virun allem Schwieregkeeten hu fir eng Aarbechtsplaz ze fannen. Wann och d'Zil vun dëse Moossnamen a kengster Weis soll an däerf a Fro gestallt ginn, esou stinn dës Mesuren dach awer an der Schosslinn, well et hei virun allem un Transparenz bei der Gestioun mangelt.

D'Käschte vun dësen Initiative ginn zu 75% vum Fonds pour l'emploi gedroen. Déi aner 25% gi vun deem ofgedeckt, deen d'Aarbecht u sech bestellt. Dat sinn awer a ganz ville Fäll d'Gemengen, also och erëm d'öffentlech Hand. D'Chambre des Métiers huet net fir d'éischt vun enger Concurrence déloyale hei geschwat.

Wann am Ufank dovunner ausgaange ginn ass, datt d'Envergure sech géing an engem raisonnable Mooss halen, esou hunn haut mëttlerweil verschidden Initiativen d'Envergure vu gréisseren oder vu ganz grousse Betriber erreecht. Klärungsbedarf iwwert de Wee vun engem entspriechende Gesetz ass mat Sécherheet ugesot. De Projet, fir deen ech dann den Här Biltgen awer ausdrécklech félicitéiere wëll, ass jo den Dënschden hei déposéiert ginn.

Vun den Zouschëss awer aus dem Fonds pour l'emploi sollen elo och Privatbetriber profitéiere kënnen, déi Aglidderungs- an Erëmaglidderungsmoossnamen organiséieren. Si sollen a mussen deenen nämlechte Konditiounen a Contrainten ënnerleie wéi déi eenzel Beschäftigungsinitiative se hunn.

Dësen Text soll doriwwer eraus och Klorheet schafen, ob sech den Iwwergang vun dësem Aarbechtsmaart op deen éischten Aarbechtsmaart iwwerhaapt vollzéit, well sech mëttlerweil verschidden Initiativen net méi als reng Beschäftigungsinitiativ verstinn. Doriwwer eraus ginn et eng ganz Rei vu Fäll, wou den Demandeur d'emploi sech ledeglech tëschent deenen eenzelnen Initiativen nach hin an hier wiesselt. A verschiddene Fäll gëtt och net méi onbedéngt drop agewierkt, fir datt sech déi Betreiten iwwerhaapt nach um éischten Aarbechtsmaart no enger fester Plaz ëmkucken. Elei muss d'Administration de l'emploi an engem wesentlech méi verstäerkte Mooss mat agebonne ginn.

Ech wéilt an dësem Kontext dann och aus engem rezenten Artikel vum 9. Mee 2003, deen am Lëtzebuerger Land stung, zitéieren, wou dës Problematik och opgegraff gouf: „Das Problem besteht aber darin, dass das ‚Objectif Plein Emploi' abgesehen von dem sicher nicht unberechtigten Verweis darauf, dass die Alimentierung von Arbeitslosen für die Gesellschaft ebenso einen Kostenpunkt darstellt wie deren Beschäftigung in Projekten zum Gemeinzweck, an Analyse über den sinnvollen Einsatz öffentlicher Gelder nicht viel liefern kann. Und ob man mit dem Verzicht auf möglichst rasche Platzierung im ersten Arbeitsmarkt den Betreuten nicht etwas vormache, sie entferne vom Leistungsdenken draußen, ist offenbar keine Frage: „Wenn sich die Leute bei uns wohler fühlen als unter dem Druck draußen, wieso nicht?" sagt Roby Biewer", senges Zeechens Direkter vum Objectif Plein Emploi.

Ech denken, Här President, datt mer eis mat dëser Argumentatioun vum Initialzil, dat ech ëmmer nach ënnerstëtze wëll, dach awer zolidd distanzéieren. Aus dësem Gewurrels vun Inconnuë muss elo e Gesetzestext dat erginn, e Gesetzestext dee fir en transparenten an och e sënnvolle Kader fir dës Beschäftigungsmoossname steet.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et ass awer sécher och net vu Muttwëll, fir op d'Kapitel zréckzekomme vun de Failliten. Dat ass en Thema, wou et grad am Kontext vun enger ugespaanter ekonomescher Lag sécherlech derwäert ass et weider am A ze behalen. Mir haten Enn Januar eng Interpellatioun, wou déi dräi concernéiert Ministeren e puer interessant Pisten opgezeechent hu fir dësem Phenomeen bäizekommen. Am europäesche Verglach steet Lëtzebuerg un der Spëtzt vun de Failliten, déi an de meeschte Fäll virun allem desastréis Konsequenze fir d'Créancieren, mä virun allem fir d'Salariéë mat sech zéien.

De Wirtschafts- a Sozialrot huet a sengem Avis fir 2003 zur wirtschaftlecher a sozialer Lag vun der Natioun verschidde Moossnamen opgezeechent, déi och schonns zum Deel vun deenen dräi zoustännege Ministeren an hirer Interpellatioun positiv opgegraff a bewäert gi sinn.

Wat d'Formatioun vun de Chefs d'entreprise ubelaangt, esou ass et sécherlech onerlässlech, datt se iwwert eng zolidd Basisformatioun verfüge mussen. Ech si scho beim Droit d'établissement dorobber agaangen. D'Formation continue vun dem Chef d'entreprise spillt och elei mat Sécherheet eng séier wichteg Roll. Doriwwer eraus mussen déi Regelungen aus dem Gesetz iwwert den Handelsregister schnell applizéiert ginn, déi virun allem iwwert de beruffleche Liewenslaf eng ganz Rei vun Informatioune liwwere kënnen an déi fir d'Appréciatioun vun engem Dossier duerch de Ministère eng sécher wichteg Informatiounsquell duerstelle kënnen an och mussen.

Den CES ass och der Meenung, datt d'Kapitalopstockung nëmmen en zäitleche Remède kann duerstellen, well se der Verschiddenaartegkeet vun de Sociétéiten an den Entreprisen net ëmmer Rechnung dréit. Dobäi kënnt, datt dës Suen oft schnell schmëlzen, wann déi éischt finanziell Obligatiounen ofgedeckt musse ginn. Ech denken awer, datt de Justizminister Luc Frieden richteg läit, wann hie plangt fir d'Mindestkapital vun deenen eenzelne Gesellschaftsformen unzehiewen.

Et ass d'Kapital, wat vun Ufank un an deene meeschte Fäll jo och libéréiert gëtt. Et ass mir duerfir och kloer, datt dës Mesure awer a kengster Weis en Universalmëttel duerstellt, mä ech denken datt et e gangbare Wee ass fir op jidde Fall verschiddene Persounen, déi op eng méi oder wéineger onseriö Aart a Weis Gesellschafte grënnen, et awer e bësse méi schwéier ze maachen.

Ech denken doriwwer eraus och, datt dem CES seng Propositioun fir eng Réserve immunisée d'impôts e gangbare Wee opzeechent fir Kapital ofzesécheren, notamment och an deene klenge Betriber, fir do Investitiounskapital ofzesécheren. Dëst géif sech virun allem da fir d'PMEen ausbezuelen. Dës Reserv, an dat ass schonn öfters hei gesot ginn, kéint sech zum Beispill op en Deel vum Benefiss belafen, deen Deel, dee prozentual an och op d'Joer plafonnéiert ass. Et ass evident, datt am Fall, wou keng Investitioune vun dëse Gelder getätegt ginn, d'Reserv no fënnef Joer verfale géif an an de Benefiss vun deem Joer da misst erafléissen an ergo och esou misst besteiert ginn.

Ech hu schonn eng etlech Kéieren op dëser Tribün ënnerstrach, datt et vu grousser Wichtegkeet ass fir d'Investissementscapacitéite vun deene klengen a mëttlere Betriber an där Form ze stäerken.

Déi immuniséiert Reserv hätt och de Virdeel, keen oder praktesch kee Steierausfall fir d'Statskeesen ze bedeiten, well déi Zommen, déi investéiert ginn, souwisou iwwer Scholdzënsen ofgeschriwwe kënnte ginn a well déi Reserven, déi no enger festgeschriwwener Zäit net fir Investitiounen opgebraucht ginn, nees als renge Benefiss deklaréiert an och besteiert ginn. D'Regierung huet schonn e puermol ugedeit fir esou eng Mesure, déi jo net nei ass - ech hu wéi gesot schonn 1996 bei de Budgetsdiskussiounen en long et large doriwwer geschwat -, a Betracht ze zéien. Ech wier frou an et wier sécher wichteg, wann eis Betriber vun dëser Steiermesure profitéiere kënnten a wann d'Regierung och dës Propositioune berücksichtege géif.

Doriwwer eraus musse mer eis Mëttele gi fir éischter ze mierke wéini e Betrib a finanziell Schwieregkeete kënnt. Bei der Steierverwaltung a bei der Sécurité sociale mussen d'Clignotanten ugoen, wann e Betrib a finanziell Schwieregkeete kënnt, well et si just déi zwou Verwaltunge wou am éischten opfält, wann net bezuelt gëtt.

Ech mengen et wier haut schonn op Ufro machbar, datt do en Echange d'informations tëschent deene Verwaltunge kéint stattfannen. Doriwwer eraus mengen ech awer soll d'Regierung och préiwe fir eng informatiséiert Bilanszentral an d'Liewen ze ruffen, déi virun allem am Kontext vun der Offeleeung vun de Konten eng gewichteg Roll spille kéint.

Ech wëll och an dësem Kontext, ass emol e Betrib a finanzielle Schwieregkeeten, net méi onbedéngt, wéi mer dat an der Zäit gemaach hunn, vun enger Gestion contrôlée schwätzen, mä ech géif soen d'Gestion assistée wär do e bessert Wuert duerfir.

Den Ofbau vun de Charges administratives ass mat Sécherheet fir de ganze Mëttelstand a fir d'Betriber ëmmer en Thema. Et ass weider net ugeschwat gi bis elo elei, mä ech sinn awer och der Meenung, datt do d'Laascht net onbedéngt eleng beim Ministère läit. Ech mengen do misst och de Secteur sech emol zesummeraufen an eng Kéier genee soe wéi a wou a wéini déi Charges administratives sollten ofgebaut ginn. Et wär scho wichteg, wann een do emol eng Kommissioun zesummekrit, déi sech ausschliesslech mat deem Thema beschäftege géif wéi dat fonctionnéiere kënnt.

Här President, ech sinn domat um Enn vu mengem Tour d'horizon ukomm. Ech denken, datt de Wirtschafts- a Sozialrot eng ganz Rei vu gangbare Pisten opgezeechent huet. Ech maachen en Appel un d'Regierung, eis Betriber weider als e stabilt Fundament vun der Lëtzebuerger Wirtschaft unzegesinn an hir Beméiungen, wat d'Innovatioun an den Esprit d'entreprise an eise Betriber ugeet, weiderzefëieren an och weider auszebauen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Clement. Domat ass eis Sitzung vun haut de Moien um Enn. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtteg um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 12.19 heures)***




# Chamber TV

## weist all öffentlech Sëtzung live an integral

An der Gemeng Bartreng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Walfer *um Kanal S24 / 327.25 Mhz*

•

Zu Biwer an zu Wecker *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Bous *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Konter *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Dippech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Iermsdref *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Esch-Sauer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Nidder- an Uewerfeelen *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Gréiwemaacher *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Hieffenech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Hesper *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem a Nouspelt *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Mamer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Manternach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Medernach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

## Ordre du jour

1. Débat sur l'état de la nation (suite)
2. Dépôt par M. Nicolas Strotz d'une nouvelle version de la Motion 1 relative à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre
3. Débat sur l'état de la nation (suite)
   *(Motions - Votes)*
4. Motions relatives à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre
   *(Discussion - Votes)*
5. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs, Erna Hennicot-Schoepges, MM. Luc Frieden, Charles Goerens, Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

M. le Président.- Ech maachen heimadder d'Sitzung op. Éischte Riedner fir haut de Mëtteg ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

### 1. Débat sur l'état de la nation (suite)

Fir mäi Lien mat der Lex Greenpeace a mam Referendum ze maachen, wëll ech e bësse méi wäit aushuelen an hei déi Thees an de Raum stellen, déi ech awer kann all Moment verteidegen, dass quasi all d'Machthaber am léifsten all d'Bierger als Majorité silencieuse gesinn. A bei de konservative Regierunge wéi déi, déi mer hunn, ass dat natierlech a méi staarkem Mooss de Fall wéi bei aneren, mä do kann een och nach aner Beispiller nennen. D'Citoyenneté ass fir si eng Majorité silencieuse, déi all fënnef Joer Stëmmziedelen an eng Boîte geheit an déi sech vun ekonomesch dominéierte Medië beaflosse léisst.

D'Regierung, déi léisst sech entouréiere vun engem Hofstat vun offizielle Conseilleren a vu Lobbyen, déi hir frëndlech gesënnt sinn, an d'Société civile oder déi sougenannte Forces vives, déi ginn als marginal Erscheinung toleréiert. Si gi positiv gesinn. Si gi positiv ugesinn, wa se antichambréiere kommen. Si gi positiv gesinn, wa se an d'Tripartite-Gremië mauschele kommen, a wann dat net hëlleft, da gi se a Conseil Supérieuren zwëschegelagert, fir dass se do kënnen diskutéieren.

Bësse méi negativ gi se natierlech vun de Machthaber gesinn, wa se op d'Strooss ginn, well dat huet kee Machthaber gär, wa se eng méi aktiv oder méi kompetent Minoritéit ginn, wa se sech Strukture ginn, wa se wuddere fir onangenehm Problemer opzewerfe wéi Flüchtlingen, wéi Demokratie, wéi Dysfonctionnementer, a wa se mat e bësse méi ongewéinleche Publicity-Moossname virginn. De Rescht vun deenen aneren, déi net an déi Kategorië gehéieren, ginn dann einfach global, an net nëmme vun deene Konservativen, als „Nimbyen" ofgestempelt.

Déi Tentatioun virun allem vu konservative Regierunge fir dee contestatairë Sumpf auszedrechnen ass also real. En Extremfall ass den Här Aznar. Do hunn ech elo an der Zeitung El Pais gelies, dass den Här Aznar beabsichtegt ee Gesetz ze maachen, wou künfteg Demonstratioune géint Krich, wou Spuenien deelhëlt, géifen als Vaterlandsverrat geahndet ginn. Ech weess net a wéi eng Campë vu Kastilien oder vun Aragon en déi dräi Millioune Leit wëllt perschen, mä dat ass eng extrem Virstellung, déi ech natierlech net wëll iergendengem heibannen ënnerstellen, mä et ass awer zumindest e Warnsignal dat eis muss ophorchen dinn, well an eiser Vue ass dat doten net nëmmen eng Lex Greenpeace, mä et ass och e potenziellt Maulkuerfgesetz. Well wann een haut oder muer op eng Demonstratioun geet, wou iergendwou steet, et kéinte Casseuren dobäi sinn, da geet een net dohinner. An dat ass jo vläicht deen ënnerschwellegen Zweck dovunner, well jo quasi op all Demonstratioun, wou een higeet, oder op all bësse méi originell Aktioun, eppes ka passéieren, wat um Rand vun der Illegalitéit ass.

***(Interruptions diverses)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här Di Bartolomeo, Dir faalt direkt op!

***(Hilarité)***

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Här President, deen Dag wou Dir mech gesitt bei enger Demonstratioun vun de kathoulesche Männer mat goen, kënnt Dir e puer Casseurë laanscht schécken, fir op mech lass ze goen, well dann ass et esou wäit.

***(Hilarité)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech erënneren lech drun déi éischte Kéier wou Dir do als Haaptriedner optriet, an dat kann net méi laang daueren, esou verstänneg wéi Dir gi sidd.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Et gëtt Leit, déi soe mir dat no, effektiv.

Esou e Gesetz ass symptomatesch fir eng gewëssen Attitüd par rapport zu enger Opinion publique citoyenne, déi e bësse méi aktiv ass wéi d'Majorité silencieuse. A vill Bierger selwer hu léiwer d'Illusioun vun enger passiv informéierter Gesellschaft an der Medienvielfalt wéi eng aktiv Participation citoyenne. A wann déi Tendenz sech weider verstäerkt, da kënnt eng Self-fullfilling prophecy an da gëtt gesot, mir hu jo gesot, déi eenzeg Leit, déi sech nach fir eppes interesséieren, sinn déi, wann eppes an hirem Virgäertche passéiert, oder wa se direkt concernéiert sinn, an da brauche se sech net ze wonneren, wann ëmmer méi Leit vun deenen allgemenge politesche Problemer détournéiert ginn a sech just nach all fënnef Joer manifestéiere bei den Urnen.

Ech wëll dräi konkret Beispiller, déi ech ëmmer erëm hei op der Tribün zitéieren, fir déi Tendenz nennen. All Joer scrutéieren ech de Kulturbudget, an ech gesinn dann, dass mer e ganz nette Basculement hunn am Kulturbudget zu staatleche Kulturservicer. Mir komme vun 80% sou lues bei 95% vu Strukturen, déi staatlech oder parastaatlech Servicer ubidden. A wann een an enger ONG aktiv ass, déi am sozio-kulturelle Beräich ass, da kritt een am Ganze vum Budget 0,7%, an et muss een nach heesche goen.

Zweet Beispill ass dat vun de Medien, déi Leit un der Muecht, egal vu wéi enger Couleur, hunn natierlech léiwer grouss Distributiounsmedië wéi kleng Kommunikatiounsmedien. Dat huet een erëm eng Kéier gemierkt bei der Novelléierung vum Mediëgesetz, dat mer hei an der Chamber diskutéiert hunn.

Mir hunn an der Chamberskommissioun eng eestëmmeg Empfehlung gemaach fir participativ Medien, sief et Uelzechtkanal, sief et Radio Latina, sief et Radio Ara oder ähnlech Initiativen, déi also de Citoyen mat abannen, fir déi vun dem Stat ënnerstëtzen ze loossen, kruten dunn awer hei op der Tribün en nette Refus vum zoustännegen delegéierte Kommunikatiounsminister Biltgen, dee léiwer Subventioune gëtt un déi grouss Medië wéi RTL oder un aner Kanäl, wou mir natierlech och näischt dergéint hunn, well mir hunn eis och dofir ausgeschwat, mä deen awer e kloert Niet gesot huet fir eng geziilt Ënnerstëtzung fir déi participativ Medien.

Dat drëtt Beispill, dat krute mer virgëschter hei déposéiert. Dat ass dat Gesetz iwwert den Développement durable. Dat Gesetz ass eng Applikatioun vun de Beschlëss vu Rio vun 1992, an eelef Joer duerno gëtt an engem Gesetz festgeluecht, ënner wéi enger Form d'Citoyenë kënnen um Développement durable participéieren. Ech hu scho Wetten ofgeschloss, wat dee Gesetzesprojet vun eiser Proposition de loi, déi de Camille Gira an ech déposéiert hunn, géif ënnerscheeden. A prompt ass et natierlech kloer. E Conseil Supérieur ass jo dora verankert. Dat ass ëmmer eppes ganz Bequemes, mä alles dat wat de Conseil Supérieur géif mat wëssenschaftlechen a mat aneren Argumenter ënnerstëtzen, en Observatoire oder ähnlech Strukturen, déi feelen natierlech an deem dote Gesetz ganz kloer. Et ass zimlech traureg. Et ass schonn traureg, dass et eelef Joer gedauert huet ier esou e Gesetz déposéiert ginn ass, a wann ee kuckt wat do zréckbehale ginn ass, dann ass dat och net ganz iwwerzeegend.

Här President, och de Referendum huet mat der Formation citoyenne oder mat der Formation économique politique et sociale ze dinn.

Mir Gréng si jo vun eiser Traditioun hier esou Forme vun Demokratie éischter positiv gesënnt, mä Dir hutt awer scho gemierkt, dass mir relativ skeptesch sinn, well d'Referendumspraxis an anere Länner weist ënner anerem zwou Saachen: Éischtens, d'Schwäiz weist ganz däitlech, dass et duerchweegs méi einfach ass de konservative Reflex vun enger Bevölkerung auszenotzen, dat heescht innovativ Projete gi seelen duerchbruecht, an déi konservativ Medien droen hiert dozou bäi fir ze verhënneren, dass e bësse méi gewote Saachen duerch e Referendum kënnen duerchgeboxt ginn.

Deen zweeten Enseignement duerch Referendumspraxis ass, dass duerch staark Influenzen, duerch staark gesellschaftlech Forcë kann esou e Referendum manipuléiert ginn. D'lescht Joer gouf et e Referendum am Oregon - dat wäert den Här Calmes interesséieren - wou de Stat Oregon e Referendum hat fir sech als JMO-fräi Zon ze deklaréieren. An dräi Méint virum Referendum hunn d'Meenungsëmfroe gewisen, dass 62% vun der Bevölkerung eigentlech deem Uleies positiv géintiwwer stoungen, an dunn hunn da gewësse Firme wéi Monsanto an esou weider emol e puer Milliounen Dollar lacker gemaach, an um Schluss vun der Referendumsprozedur waren nach 42% fir dat Uleies, wat och erëm eng Kéier e Beispill ass wéi ee kann duerch massiven Asaz vun ekonomesche Mëttelen esou e Referendum beaflossen.

Mir sinn also prinzipiell fir e Referendum, mä e Referendum huet nëmmen dann e Sënn wann d'Bierger an d'Biergerinnen en connaissance de cause a mat engem maximale Background vu Wësse kënnen entscheeden. An niewent de pluralistesche Medien muss do eng Volleksbildung un der Basis passéieren, e life-long-citizen-learning, deen net nëmmen op d'Professioun axéiert ass, mä och op d'citoyenne Liewen.

An et ass kloer, dass déi meescht Regierungen, wa se eng Zäit laang am Amt sinn, egal vu wéi enger Couleur, e konservative Reflex hunn an esou Initiativen ëmmer méi verschieben.

Ech erënneren drun, bei där Debatt vun 1999, dat hat ech elo vergiess ze soen, si vun eis eng Motioun an eng Resolutioun eestëmmeg ugeholl ginn. An der Motioun ass gesot ginn, d'Regierung géif opgefuerdert ginn e Livre blanc iwwert d'Formation économique politique et citoyenne virzeleeën. Déi Regierung hei ass jo d'Nofolgerin vun där Regierung virdrun, an ech hunn d'Madame Brasseur och eng Kéier gefrot an enger Kommissioun, an dunn huet si gesot, si géif net envisagéieren esou e Livre blanc hierzestellen. An deen ass jo och net hiergestallt ginn.

Dat zweet, dat war d'Resolutioun vun eis, déi ass och eestëmmeg ugeholl ginn. Do huet d'Chamber sech selwer opgefuerdert, fir an der nächster Legislaturperiod en Débat d'orientation ze organiséieren iwwert déi Formation citoyenne, an du koum en Débat d'orientation iwwert d'Integratioun, iwwer aner Saachen an dunn op eemol koum de PISA-Tuerm, an dunn ass deen ëmgefall, an dunn ass d'Formation citoyenne dorënner begruewe ginn. An ech wënsche mir fir déi nächst Legislaturperiod, dass et dann zu engem neien Elan kënnt, mä ech fäerten dass dann erëm en neie PISA-Tuem kënnt, deen op esou Initiativen droht ze falen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Garcia. Nächste Riedner ass den Här Norbert Haupert.

M. Norbert Haupert *(CSV).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stiechen net an enger déiwer Wirtschaftskris, mä eppes musse mer däitlech gesinn, zu Lëtzebuerg kriselt et. Dat sinn dem Statsminister seng Wierder iwwert déi wirtschaftlech Situatioun an eisem Land. Gewëss, mir hu keng spektakulär Failliten ze verzeechnen, a mir stinn och net virun dramatesche Massenentloossungen. An awer herrscht a verschiddene Betriber en Astellungsstopp. A wann och den Autofestival an de Vakanzesalon dëst Joer kee gréissere Réckgank vis-à-vis vun deene vun deene leschte Joren ze verzeechnen hunn, dann dréit et awer a verschiddene Secteure méi lues. An dat huet zwou Ursaachen:

1. Well net méi esou vill consommëiert gëtt, also manner verkaaft gëtt, an

2. well d'Konkurrenz méi bëlleg ubidde kann, also méi kompetitiv ass, an doduerch d'Marchéë fir eis verluer ginn.

Wéi kënnt een aus esou enger Situatioun eraus? Dat kann een erreechen andeem een éischtens de Konsum ukuerbelt an zweetens de Betriber d'Méiglechkeet gëtt ze investéieren an doduerch hir Kompetitivitéit ze verbesseren.

Vill vun de Regierunge vun eisen Nopeschlänner, bei deenen et net nëmme kriselt, mä déi voll an der Rezessioun stiechen, versiche mat alle Mëttelen op déi zwou Komponenten anzewierken. Dat brauche mer net, net nëmme well mer net an enger Rezessioun dra sinn, awer well eis Regierung a weiser Viraussiicht viru Jore schonn d'Akzenter gesat huet, fir d'Kafkraaft vun eise Bierger ze verbesseren, an de Betriber d'Méiglechkeet ze bidden nei ze investéieren. Doniewent hunn eis successiv Budgetsministere Jean-Claude Juncker a Luc Frieden an deene Jore wou et an eisem Land ganz gutt gong d'Suen net zur Fënster erausgeworf a si hunn och net a gudde Joren esou mann wéi méiglech extra Wënsch erfëllt.

***(Interruptions diverses)***

Dat hutt Der awer schonn oft gesot. Gesitt Der, et muss een d'Leit och emol luewen.

Si hunn also d'Suen net zur Fënster eraus geworf, mä si hu Reserven ugeluecht, fir datt a méi schlechte Joren de Stat och nach weider an noutwendeg Infrastrukture kënnt investéieren an domat zur Beliewung vun engem vun eise wichtegste Secteuren, nämlech dem Bausecteur, bäidroe kann.

Här President, eis Regierung huet an deene leschte Jore grouss Efforte gemaach fir d'Kafkraaft vun eise Matbierger ze verbesseren. D'Kannergeld gouf eropgesat, de Mindestloun an d'Mindestakommes, d'Renten an d'Pensioune goufen erhéicht. Eng Erzéiungspauschal vun 3.000 Frang pro Kand gouf fir all Mamm agefouert, a virun allem hu mer an deenen zwee éischte Jore vun dësem Jorhonnert eng Steierreform gemaach, déi der Kafkraaft vun de Lëtzebuerger e gewaltege Schub ginn huet. D'Reform vun 2001 huet d'Steierlaascht vun eise Matbierger ëm 250 Milliounen Euro oder 10 Milliarde Lëtzebuerger Frang erofgesat.

D'Reform vun 2002 huet nach eng Verbesserung fir de Steierzueler vun 185 Milliounen Euro oder 7,5 Milliarde Frang erginn. Zesumme maachen dat fir dëst Joer an déi folgend Joren eng Steiererliichterung vu 430 Milliounen Euro pro Joer aus. Dat si 430 Milliounen, déi de Bierger méi zur Verfügung huet, déi also erëm direkt oder indirekt an eis Wirtschaft erafléisse kënnen. Dat si Suen déi mer méi an eise Paien hunn an déi mer méi consomméiere kënnen oder méi spuere kënnen. Well och eis Matbierger sinn an deene gudde Joren net muttwëlleg mat hirem Geld ëmgaangen an hunn en Deel vun hirem Akommes gespuert, fir och a schlechte Joren en Apel fir den Duuscht ze hunn. Doniewent ass d'Zënspolitik haut esou gënschteg wéi nach ni, esou datt d'Leit och a manner gudden Zäiten encouragéiert gi fir Geld léinen ze goen an de geplangten Investissement fir en Eegenheem ze décidéieren. Ech komme méi spéit nach op de Bau zréck.

Här President, och fir d'Betriber huet eis Regierung 2002 eng Steierreform ënnerholl, déi d'Steierbelaaschtung ëm 16,3 Milliarde Lëtzebuerger Frang oder 400 Milliounen Euro erofgesat huet. Dat huet den Entreprisen d'Méiglechkeet gebuede fir nei Investissementer ze tätegen an esou hir Kompetitivitéit géintiwwer hire Konkurrenten aus de frieme Mäert ze verbesseren. Och déi Investissementer droen zur Steigerung vun der Demande an zur Beliewung vun eiser Wirtschaft bäi.

Doniewent war eis Regierung permanent beméit de gesetzleche Kader esou unzepassen, fir nei Betriber an eist d'Land erunzezéien an deenen etabléierten Entreprisen d'Méiglechkeet ze gi fir ze expandéieren, ouni dass doduerch déi sozial Verantwortung vun eise Betriber a Fro gestallt gouf. Gewëss, dee Kader huet sech net vun haut a gëschter erginn. Deen ass d'Resultat vun enger konsequenter a kohärenter Wirtschafts- a Finanzpolitik, déi an deene leschte 25 Joer bedriwwe gouf. Et ass also net eleng de Mérite vun dëser Regierung. Déi Partei, déi während méi wéi 20 Joer déi Regierung gefouert huet, wäert jo awer och en Deel vun deem Mérite fir sech beanspruche kënnen.

Här President, am Kontext vun de Rahmebedingungen ass et interessant den Interview vum Här Guy Kerger gëschter op RTL ze ernimmen, deen iwwert d'Wichtegkeet an d'Ursaache vun der Implantatioun vun AOL an AMAZON hei zu Lëtzebuerg hannerfrot gëtt. D'Ursaache firwat dës zwou fir hien héich interessant Entreprisen op Lëtzebuerg komm sinn, an net an en anert Land, si senger Meenung no éischtens den niddregen TVA-Saz, zweetens eist excellent Kommunikatiounsnetz, drëttens eis gutt Législatioun iwwert den Datenschutz, a véiertens eist gutt Gesetz iwwert den elektroneschen Handel. Dat ass d'Ausso vun engem aussestehende Spezialist am Internetsberäich.

Här President, a wann och gëschter hei gemengt gouf mer hätten de Mëttelstand vernoléissegt, da wéilt ech nëmme kuerz rappeléieren…

***(Interruption)***

Jo, dat sot Dir, Här Di Bartolomeo. Et ass awer net wouer!

***(Interruption)***

Dir liest ëmmer, mä Dir schwätzt net mat hinnen. Dir musst eng Kéier mat hinne schwätzen, dann héiert Dir wat si Iech soen. Dir liest ëmmer nëmmen dat wat Iech gefält, Här Di Bartolomeo.

***(Interruption)***

Dir kënnt et weisen, mä ech héieren dat wat se soen.

***(Interruption)***

Jo, dat och heiansdo.

Ech wéilt awer dann hei rappeléieren, datt iwwert déi sukzessiv Steierreformen, déi säit 1991 ënnerholl goufen, d'Steierlaascht fir d'Kleng- a Mëttelbetriber gewalteg gesenkt gouf. Esou huet e Betrib, deen iwwert d'Akommessteier vun de physesche Persounen, also net iwwert d'Gesellschaftsbesteierung besteiert gëtt, an deen e besteierbare Benefiss vu fënnef Millioune Frang erwirtschaft huet 1989 nach 2,3 Millioune Frang Steiere bezuelt. Haut bezilt hien der nëmme méi 1,2 Milliounen. Dat mécht eng Steierreduktioun vun 1,1 Millioun Lëtzebuerger Frang oder 48,2% aus.

Bei engem besteierbare Benefiss vun zéng Millioune mécht et eng Steierermäßigung vun 2,2 Millioune Frang oder vun 49,1% aus. Dat ass fir e Kleng- oder Mëttelbetrib oft méi wichteg wéi déi administrativ Belaaschtung. Awer och op deem Plang ass de Mëttelstandsminister Fernand Boden beméit de Betriber entgéintzekommen. Besonnesch déi statistesch Erhiewunge maache jo de Kleng- a Mëttelbetriber grouss Suergen. Hei soll iwwert den harmoniséierte Konteplang an der Reorganisatioun vum Handelsregister deene Betriber wäitgehendst gehollef ginn. Och bei deenen zwou Patronatschambere fonctionnéiert schonn e Guichet unique, dee jonke Leit bei der Grënnung vun engem Betrib déi administrativ Aarbechten erliichtere soll.

Här President, wat de Wunnengsbau ubelaangt, esou mengen ech dass mer an deene leschte Méint en long et en large d'Problematik hei diskutéiert hunn. Ech wëll dofir och net nach eng Kéier all déi Efforten hei opzielen, déi an deene leschte Joren zu Gonschte vum Wunnengsbau geholl goufen. Well ech awer d'Gefill hunn, datt dobaussen net jiddfereen déi nei Moossname matkritt huet, déi d'Regierung d'lescht Joer am Intérêt vum Logement geholl huet, an heibannen eng Rei Leit se net wëlle verstoen, wollt ech nach eng Kéier kuerz op déi wichtegst Mesuren agoen.

***(Interruption)***

Déi kommen awer.

***(Interruption)***

Jo, Dir kommt ëmmer mat deem wat net ass, mä dat wat awer geschitt ass, dat ernimmt Der net, Här Di Bartolomeo.

***(Interruptions)***

Här President, de Problem am Beräich vum Wunnengsbau läit op zwee Pläng: deem vun der Deierecht vun der Uschafung vun engem Eegenheem an deem vun der Disponibilitéit vu genügend Mietwunnengen, an dat besonnesch am Beräich vum soziale Wunnengsbau.

Wat de Problem vun der Deierecht vum Eegenheem ubelaangt, esou ass déi besonnesch op d'Deierecht vum Bauterrain zréckzeféieren. Fir d'Offer vu Bauland ze encouragéieren an doduerch d'Präisser eenegermoossen an de Gréff ze kréien, huet de Finanzminister Jean-Claude Juncker jo eng op dräi Joer limitéiert Steierreduktioun op de Plus-valuen, déi beim Verkaf vun engem Haus oder engem Terrain realiséiert ginn, agefouert. Hei kann de Privatverkeefer tëschent 50 a 75% Steieren aspueren, jee nodeem ob et sech ëm eng eenzel Bauplaz oder ëm eng Bauplaz am Kader vun engem Lotissement handelt, wann hie säin Terrain an de Joren 2002, 2003 oder 2004 verkeeft. Fir de professionelle Promoteur ass eng Exemption fiscale vu 25% vum Benefiss virgesinn.

Wat den Droit d'enregistrement an den Droit de transcription bei der Uschafung vun engem Eegenheem ubelaangt, esou huet de Finanzminister e Crédit d'impôt fir all Persoun vun 20.000 Euro agefouert. Well den Taux vun dem Droit d'enregistrement an dem Droit de transcription bei ongeféier 7% läit, kann all Mënsch sech en Eegenheem bis zu engem Präis vun 286.000 Euro, also ëmgerechent 11,5 Millioune Lëtzebuerger Frang uschafen, ouni eng héich Taxe d'enregistrement ze bezuelen. Hie bezilt dann nëmme méi honnert Euro amplaz 20.000, wat a mengen Aen eng wesentlech Differenz ausmécht.

Wat d'Bauprimen an d'Uschafungsprimen ubelaangt, esou sinn déi duerch dat neit Reglement vum leschten 9. Abrëll op deeselwechten Niveau gesat ginn. D'Majoratioune vun den Uschafungsprimë kënne jee no Akommes op bis zu 100% goen. Am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung soll d'Uschafung vun enger aler Bausubstanz mat Renovéierung an Zukunft méi gënschteg traitéiert gi wéi d'Baue vun enger neier Wunneng. Ausserdeem ass bei där Geleeënheet de Krees vun de Bénéficiairë vun dëse Primen a Richtung vun de mëttlere Revenuen erweidert ginn.

Esou ass zum Beispill de maximale Revenu, deen e Jonggesell verdénge ka fir nach vun enger Bauprime ze bénéficiéieren, op 167.000 Frang de Mount an d'Luucht gaangen an dee vun enger Koppel mat zwee Kanner op 203.000 Frang. Eng Koppel mat zwee Kanner, déi 100.000 Frang de Mount verdéngt, huet bis den Abrëll 2003 eng Uschafungsprime vu ronn 125.000 Frang kritt. An Zukunft kritt se eng Prime vun ëmgerechent 200.000 Frang.

Wat d'Offer vun dem verbëllegte Wunnengsbau ubelaangt, esou huet d'Regierung décidéiert fir am Kader vum aachte Fënnefjoresprogramm déi ursprünglech geplangten Zuel vun neie Wunnenge vu 4.125 op 9.000 ze erhéijen. Domat solle méi jonk Leit d'Méiglechkeet kréie fir am Kader vum verbëllegte Wunnengsbau zu engem Eegenheem ze kommen.

Trotz all deene Mesurë bleiwe Leit, déi sech keen Eegenheem leeschte kënnen an déi wunne goe mussen. Och hei huet d'Regierung verbessert Hëllefe fir déi Gemenge virgesinn, déi an de soziale Wunnengsbau investéieren. Doduerch soll d'Zuel vun de soziale Mietwunnengen esou erhéicht ginn, datt d'Offer lues a lues der Demande ugepasst gi kann. Fir déi, déi einstweilen awer keng Wunneng um soziale Mietwunnengsmaart fannen, huet d'Regierung virgesinn en Deel oder souguer a verschiddene Fäll déi ganz Garantie locative ze cautionnéieren. Aner Moossnamen, déi am Kader vum Débat d'orientation iwwert de Wunnengsbau virgeschloe goufen, sinn nach a Virbereedung. Mir wäerten an engem Joer erëm drop zréckkommen.

Här President, alles dat léisst sech dach weisen, entgéint deem wat d'Oppositioun hei behaapt. „Mir sti besser do wéi eis Nopeschlänner", mat där Behaaptung huet de Statsminister och Recht, och wann dat deem engen oder aneren net a seng politesch Ambitiounen erapasst.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Haupert. Den nächsten Orateur ass den Här Xavier Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci. Ech wëll fir d'éischt op e puer Punkten zréckkommen op déi de Statsminister agaangen ass a wat mer Freed gemaach huet virun allem als jonken Deputéierten.

Wann hie seet, dass hien e realistesche Budget presentéiert huet, dass mer keng Folie des grandeurs hunn, dass mer keng Knippercher kréien, da sinn ech ganz frou doriwwer, well déi Knippercher kréien e batteren Nogeschmaach, an als Jonke sinn dat ganz oft Konsequenzen, déi déi nächst Generatioun ze droe kritt, wann een haut keng realistesch Politik mécht.

Hien huet vu Steierreduktioune geschwat. Ech kann Iech just soen, fir jonk Leit ass et selbstverständlech motivant wa se manner Steiere bezuelen, et ass méi motivant fir schaffen ze goen. Hien huet och gesot, dass de Wirtschaftswuesstum ëm e Véirel manner héich gewiescht wär, wann dës Steieren net erofgesat gi wären.

Jonk Leit a Chômage. Här President, obgläich den Aarbechtsmaart nach ëmmer wiisst, wiisst e vill manner wéi déi Jore virdrun, esou datt déi nei Plazen ëmmer méi rar ginn an och an noer Zukunft nach wäerte rar bleiwen. Ech wëll net hei am Detail op déi global Entwécklung vum Aarbechtsmaart agoen, déi an deene leschten Deeg a Stonnen hei amplement diskutéiert ginn ass. Vill méi wollt ech op de Problem vum Chômage bei deene jonke Leit agoen.

An der Europäescher Unioun ass Lëtzebuerg laut EUROSTAT virun Éisträich dat Land, wat am mannste Chômeuren ënner 25 Joer huet. Den Taux lung zu Lëtzebuerg bäi 7,5% am Mäerz 2002, en ass awer elo am Mäerz 2003 op 9,7% eropgeklommen. Haut sinn no bäi 1.400 Leit ënner 26 Joer bei der Adem ageschriwwen. Am leschte Joer waren et der nach 946. D'Kategorie vun de 26 Joer bis 30 Joer ale lung am Mee 2002 bäi 701 a läit haut bal bäi 1.100. Zesumme stellen déi zwou Kategorien en Drëttel vun deene Leit duer, déi bei der Administration de l'emploi ageschriwwe sinn.

D'Unzuel vun de Promoteure vum CAT, zumools am Privatsecteur, ass och immens zréckgaangen. 2000 hunn nach 437 Entreprisë bei der Mesure d'insertion aux jeunes matgemaach. 2001 waren et nëmmen nach 293. Haut sinn et der nach manner. Och den Taux vun deenen, déi bei esou enger Mesure dobäi waren an doduerch eng fest Aarbecht fonnt hunn, ass zréckgaangen, an zwar vun 80% am Joer 2000 op 66% am Joer 2001, wat och illustréiert, dass manner rekrutéiert gëtt.

Op där anerer Säit ginn et hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi onbesate Léierplazen. Do muss ee sech eng Kéier d'Fro stellen, firwat dat esou ass. Dem Mangel vun der Attraktivitéit vun den Handwierksberuffer soll jo duerch eng Reform vum Apprentissage opgehollef ginn. Et geet net hei drëm fir dirigistesch ze sinn an ze soen, du muss elo dat oder dat studéieren, well an deem Secteur Leit gesicht ginn. Natierlech wär dat falsch.

Éischtens soll studéieren nach ëmmer Spaass maachen, a wann ee mengt et hätt ee seng Vocatioun fonnt, da soll een déi och exploitéieren. Zweetens huet kee vun ons heibannen eng Kristallkugel déi weess wéi den Aarbechtsmaart an zwee, dräi oder fënnef Joer ausgesi wäert an a wéi enge Sparten a Piliere vun onser Wirtschaft Besoine si wäerten. Mir wëssen nëmme grosso modo wou d'Entwécklung higeet.

Zum Beispill muss een haut kënne mat Computerprogrammer ëmgoen. Et muss ee mat deenen neien Technologie Schrëtt hale kënnen. Et muss ee Saachen an e Kontext setze kënnen. Et muss ee mat de Sproochen ëmgoe kënnen.

Englesch ass eng Prioritéit, mir wëssen et. Am Plan d'action nationale en faveur de l'emploi steet d'Bekämpfung vum Jugendchômage un éischter Stell. « Offrir un nouveau départ aux jeunes inscrits au chômage depuis trois mois », heescht et hei. Et sinn awer net nëmmen déi, déi en nouveau départ brauchen, mä och all déi, déi tout court mussen an d'Aarbechtswelt erakommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass d'Roll vun der Schoul, fir d'Leit sou auszebilden, dass se spéider och eng Plaz kréien a sech um Aarbechtsmaart erëm fannen. De Statsminister huet virgëschter hei op der Tribün gesot: „Wien Aarbechtsmaart, Aarbechtsmaartpolitik, aktiv Aarbechtsmaartpolitik seet, dee seet am selwechten Otemzuch Bildungspolitik a Weiderbildungspolitik", wat an deene Beräicher an deene leschte Joren duerch déi aktiv Politik vun der Madame Brasseur souwuel an der Formation initiale wéi och an der Formation professionnelle continue geleescht ginn ass.

D'Educatioun an d'Orientatioun si gefuerdert, fir déi Leit an déi richteg Bunnen ze leeden. Potenzialer musse richteg erkannt a gefördert ginn. Doriwwer eraus muss jidderee eng Formatioun kréien, déi op déi praktesch Aspekter vu senger Aarbechtssich virbereet.

No der Formatioun kënnt dann och d'Uni Lëtzebuerg, e Sujet dee mer um Häerz läit. Mir hunn hei ee vun deenen déifsten Tauxen a ganz Europa. Ech mengen et ass wichteg déi Uni hei ze kréien. Ech sinn awer och ee vun deenen, déi insistéieren, fir dass eis Lëtzebuerger Studenten ee Séjour op d'mannst an hirer Formatioun am Ausland maachen. Et ass wichteg, dass dat gemaach gëtt, fir dass eis Lëtzebuerger Schüler emol och eppes aneschters gesi wéi eist Land.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Ech sinn och frou, dass d'Madame Hennicot an der Kommissioun eppes akzeptéiert huet, wat mer proposéiert haten, an zwar méi Participatioun vun de Schüler an där Uni. Fir mech muss eng Uni liewen. Den Här Haupert huet elo just schonn ee klenge Sujet ugesprach wou ech och wëll ganz kuerz drop agoen: dat ass de Logement. Et ass onméiglech hautdësdags fir ee Jonken hei zu Lëtzebuerg eng Wunneng ze fannen, ausser d'Elteren hu ganz vill Suen, oder si hunn e puer Appartementer a si stellen dem Kand eent zur Verfügung. Ech mengen et gëtt scho Saachen, déi gemaach gi si vun dëser Majoritéit. Zum Beispill fir d'Habitation pour personnes à revenu faible, wou déi jonk Leit en début de carrière och drënner falen, wat eng wichteg Saach ass. D'Réductioun vun den Droits d'enregistrement an all déi Saachen oder och d'Simplificatioun bei den Aarbechte vu Renovatiounen, si Saachen déi positiv sinn. Et sinn déi 29 Punkte fir de Logement, déi presentéiert gi si vum Här Boden, an ech wier frou, wa mer an där Richtung géife weider fueren.

***(Interruption)***

Erlaabt mer, Här President, dass ech elo op e Sujet aginn, wou ech leider…

***(Interruption)***

Da waart elo. Eng Sekonn! Ech fueren elo weider. Dir hutt esou laang Zäit wéi Dir wëllt; Dir schwätzt souwisou no mir, da kënnt Der d'Wuert froen. Et huet mer eppes haut gefeelt an der Deklaratioun vum Här Statsminister, an dat sinn d'gesellschaftlech Themen. Ech fannen awer och, dass d'Sozialiste ganz schlecht placéiert si fir eis hei eng Moralpriedegt ze halen. 15 Joer ware se an der Regierung; kee Komma ass driwwer diskutéiert ginn, an ech fannen et e bësse lachhaft, dass déi eis hei eng Moralpriedegt halen iwwer Gesellschaftspolitik, wa se zéro gemaach hu während 15 Joer. Wa se elo an der Oppositioun sinn, lo hu se gutt…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech si ganz sécher, dass Dir keng 15 Joer dra bleift. Mat deem wat Dir elo bitt bleift Der sécher keng 15 Joer derbäi!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, erlaabt mer dass ech op e puer Punkten aginn, déi fir mech zu Lëtzebuerg bal tabu Sujete sinn, wou een net gären driwwer schwätzt, a wou ech fannen dass mer déi eng Kéier an der Chamber sollte seriö huelen. Éischte Sujet: Do wëll ech iwwert den Avortement schwätzen. Ech zitéieren Iech en Artikel aus der Zeitung vum Danielle Igniti: „Combien d'avortements sont pratiqués au Luxembourg? C'est difficile à dire. Danielle Igniti pense que beaucoup d'interruptions de grossesse se passent encore sous le manteau, sous l'appellation de curetage, comme cela se faisait avant la loi de 1978. Au Planning familial, parmi les consultantes, environ 280 ont recours à l'avortement. Mais très peu vont au Luxembourg. La plupart - 250 - vont en Belgique ou aux Pays-Bas. Le Planning familial belge a fait remarquer à son homologue luxembourgeois: «Vous avez un problème avec l'avortement et vous l'exportez chez nous. On peut dire que la Belgique subventionne les avortements des Luxembourgeoises.» C'est pourquoi le Planning familial luxembourgeois envisage de créer ses propres cliniques, pour permettre une application de la loi à toutes les personnes concernées". Sorry. Ech mengen dat doten ass ee Sujet dee jo awer wichteg ass, a mir gesinn dass do e Problem ass…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ma da beschwätzt e mat Ärem Koalitiounspartner!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här Di Bartolomeo…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Also wann ech gelift, Här Bettel, maacht Iech net esou schäinhelleg. Dir sëtzt an der Koalitioun, Dir kënnt eppes do dergéint maachen! Dat do ass jo awer wierklech de Gipfel vun der Hypokrisie!

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, wann ech gelift frot Iech d'Wuert a loosst elo den Här Bettel schwätzen!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här Di Bartolomeo, den nächste Sujet op deen ech wéilt agoen, dat wär d'Partenariatsgesetz, wat mer elo an der Preparatioun hunn. D'DP-Fraktioun hat op der Journée parlementaire gesot: Firwat net d'Hochzäit opmaachen, dat wär vill méi einfach.

Erlaabt mer just, well dat ass och een Thema deen d'Leit dobaussen interesséiert an dee fir mech zur Lag vun eiser Natioun a vun eise Leit gehéiert, well et do eng Ongerechtegkeet gëtt fir ganz vill Leit, dass ech deen Text, deen zwar nach net bei eis an der Kommissioun ganz genau analyséiert ginn ass, awer zwee oder dräi Punkten dovun, e bësse virstellen. Deen Text gesäit vir dass et um Geriicht soll gemaach ginn, op der Justice de paix. Ech wëll just eppes soen: Fir mech ass d'Geriicht eng Plaz wou Problemer solle geléist ginn, wou d'Leit zesumme kommen, well se een Différend hunn, a bestëmmt net déi Plaz wou d'Leit sollen eppes ee vis-à-vis vun deem aneren akzeptéieren, a sech eng Léift oder wëllen zesumme liewen erklären. Ech fannen d'Geriicht dofir net déi richteg Plaz.

Ech si frou dass den Här Statsminister - an dowéinst schwätzen ech och iwwer d'Partenariat an iwwert d'Steieren - gesot huet, dass endlech, och wann déi zwee Partnere schaffen, se eppes kënnen ofsetze vun de Steieren. Et wor jo net nor-

mal an deem Projet initial, dass ee vun deene Partneren huet missen doheem wunnen an net schaffen, dat heescht näischt maachen; dann hu se eng Charge extraordinaire kënnen ofsetzen. Mir si jo awer elo am 21. Jorhonnert: C'est un peu fini tout ça.

An dann ass nach eng lescht Saach, dat sinn déi dräi Joer déi ee muss hunn. Do soll een och eng Kéier driwwer diskutéieren. Wann ee scho 25 Joer zesumme wunnt, soll een dat och ugerechent kréien.

***(Interruption)***

Mä Här Santer, den Text ass jo nach net fäerdeg. De Rapporteur steet just virun Iech. Et kann een ëmmer amélioréieren, Här Santer.

***(Interruption)***

Wa se bleift, da kann een nach ëmmer mat Amendementer schaffen, op jidde Fall, ech weess net, mä fir mech kann een Text ëmmer verbessert ginn, ech mengen et ass jo schonn eng éischt Richtung. Ech kommen herno nach zu deem zweete Punkt. Ech hunn nach zwee Punkten.

Deen nächste Punkt ass dee vun der Drogeproblematik. Mir dierfe keng Scheiklappen hei hunn. Mir mengen ëmmer wa mer an der Zeitung liesen, et wär erëm een un enger Iwwerdosis…

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Wann ech gelift, loosst den Här Bettel elo schwätzen! Här Bettel.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Wa mer iwwert d'Drogeproblematik schwätzen, do si ganz vill Leit déi Scheiklappen hunn. Een deen drogéiert ass, ass fir mech kee Kriminellen, et ass ee Kranken. An dee Kranke soll gehollef kréien, an dofir solle mer och Infrastrukturen hunn. Ech hat eng Question parlementaire un de Santésminister geschriwwen an ech si ganz frou; en huet mer eng ganz komplett an interessant Äntwert ginn. Ech wëll Iech just déi Zuelen nennen, déi awer dat reflektéiere wat ech Iech hei soen. 2001 waren et 295 Leit, déi hei zu Lëtzebuerg en Traitement de désintoxication gemaach hunn. Zu Manternach hu mer 18 Better, en Délai vun ongeféier dräi Wochen, an e seet mer: «Le taux d'occupation moyen est proche de la saturation.»

Een Drogéierten, deen an eng Kur wëll goen an dee wëll gehollef kréien, deen dierf keng dräi Woche waarden. Well dann ass et scho vill ze spéit; bis dann huet d'Meenung souwisou gekippt. Also musse mer do och eppes maachen. Den Nombre d'ouverture de dossiers pour un traitement à l'étranger - dat heescht, dass mer eise Problem exportéieren - wor 302 am Joer 2000, an 259 am Joer 2002. Ech mengen et ass eng wichteg Problematik, an den Här Wagner ass och ganz bereet doriwwer ze diskutéieren an ze kucken, wéi een dat ka verbesseren. Ech sinn op jidde Fall frou, dass dee Ministère elo ënnert senger Hand ass, an dass gekuckt gëtt fir deene Leit ze hëllefen, well déi dierf een net am Eck sëtze loossen.

***(Interruption)***

Ech ginn Iech hei mäi Point de vue zur Lag vun der Natioun, Här Bartolomeo. Ech soen Iech wat ech dovunner halen, wou d'Problemer sinn a wou eppes kéint besser gemaach ginn. E leschte Sujet, dee mer nach um Häerz läit an dee mat ganz vill jonke Leit diskutéiert ginn ass, och wa se net déi éischt Clientèle sinn, dat ass d'Euthanasie. Ech si frou dass mer driwwer diskutéiert hunn; ech si frou dass mer en éischte Schratt gemaach hu mat de Soins palliatifs, mä ech hoffen dass mer nach eng aner Kéier kënnen driwwer diskutéieren.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Ier mer elo un déi nächst Riednerin kommen, géif ech den Här Néckel Strotz bieden erop ze komme fir den Dépôt vun enger Motioun ze maachen.

## 2. Dépôt par M. Nicolas Strotz d'une nouvelle version de la Motion 1 relative à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Gëtt doriwwer ofgestëmmt oder geet déi an d'Kommissioun?

M. le Président.- Den Här Strotz deponéiert se elo, Här Di Bartolomeo.

M. Nicolas Strotz *(CSV).*- Här President, sou wéi mer virgëschter hei geschwat hunn am Kader vun der Diskussioun iwwert déi Motioun, déi ech de 14. Mee déposéiert hat, an iwwert déi, déi den Här Scheuer da virgëschter hei déposéiert huet, wou mer gesot hunn, mir géife versichen eng nei ze verfaassen, déi eventuell de Konsens vun der ganzer Chamber géif fannen, hu mer dann eng nei Motioun verfaasst, déi ech elo hei géif déposéieren. Et ass nach eng Ënnerschrëft drop fräi, esou datt eis sozialistesch Frënn nach roueg kënnen drop ënnerschreiwen. Wann net géif d'Marie-Josée Frank déi Motioun mat ënnerschreiwen.

***Motion 1 (nouvelle version)***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la construction de la liaison autoroutière avec la Sarre constitue un élément important de la politique gouvernementale visant à garantir le raccordement de notre pays aux grands réseaux routiers transfrontaliers;*

*- considérant que cette nouvelle autoroute absorbera une partie substantielle de la circulation routière actuelle, encore contrainte de traverser les localités luxembourgeoises situées entre la ville de Luxembourg, respectivement la croix de Bettembourg, et les villages frontière de la Moselle;*

*- considérant que la construction de la liaison autoroutière avec la Sarre mènera ainsi à un accroissement palpable de la qualité de vie dans les localités actuellement encore confrontées avec un trafic de transit intense;*

*- considérant que les autoroutes luxembourgeoises disposent toutes de stations-service permettant aux véhicules de se ravitailler en carburant sans devoir quitter le réseau autoroutier;*

*- considérant que cet état des choses évite une circulation de transit excessive à travers les localités situées aux environs des autoroutes;*

*- considérant que les planifications de la liaison autoroutière vers la Sarre ne prévoient pas encore l'installation d'une station-service, pourtant indispensable dans la perspective d'une réorientation complète de la circulation de transit vers cette partie de l'Allemagne et pouvant ainsi garantir l'amélioration de la qualité de vie dans les localités actuellement encore traversées par cette circulation;*

*- considérant qu'une station-service autoroutière supplémentaire risque d'entraîner une hausse des émissions de $CO_2$ imputées au Luxembourg et par conséquent d'hypothéquer le respect des engagements luxembourgeois pris dans le cadre du Protocole de Kyoto, à savoir la baisse de 28% des émissions de $CO_2$;*

*- considérant que les stations-service installées sur l'aire de Berchem engendrent des eaux usées nécessitant un agrandissement de la station d'épuration revenant à 15.000 habitants/équivalent;*

*invite le Gouvernement*

*- à prévoir l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre, afin d'assurer l'utilisation exclusive de la nouvelle autoroute par les véhicules en transit vers l'Allemagne;*

*- à planifier cette installation de manière à limiter autant que possible les retombées nocives pour la population des localités situées aux environs du site de la station;*

*- à élaborer à cet effet, pour la rentrée parlementaire 2003 au plus tard, un projet de loi modifiant la loi du 16 novembre 2001 relative à la construction d'une liaison avec la Sarre;*

*- à définir des mesures compensatoires en matière d'émissions supplémentaires de $CO_2$ consécutives à l'exploitation de cette station-service;*

*- à élaborer un projet de loi modifiant la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un Fonds des Routes, afin de clarifier, dans le respect des procédures existantes, les compétences relatives à la réalisation des projets et équipements routiers énumérées à l'article 6 de cette loi;*

*- à prévoir préalablement la mise en place d'une infrastructure adéquate permettant l'évacuation et l'assainissement conformes des eaux usées en provenance de la station de service.*

*(s.) Nicolas Strotz, Jeannot Belling, Lucien Clement, Marie-Josée Frank, Maggy Nagel.*

***(M. Niki Bettendorf reprend la Présidence)***

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Ënnerschreift d'Madame Nagel net zweemol?

***(Hilarité)***

M. le Président.- Den Här Camille Gira wëllt och nach eng Motioun an deem selwechten Zesummenhang deponéieren. Här Gira.

***(Hilarité)***

## 3. Débat sur l'état de la nation (suite)

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wollt vun der Geleeënheet profitéieren, well Der Iech kënnt virstellen, dass déi oppe Plaz op dem Här Strotz senger Motioun sécherlech net vun engem vun der grénger Fraktioun wäert opgefëllt ginn, fir zwar keng nei Motioun hei ze déposéieren, mä eng déi ech schonn 2001 déposéiert hat, déi awer genee an deen dote Kontext passt, awer vläicht e bësse méi breet de Problem Tanktourismus insgesamt op eng verstänneg Manéier ugeet. Ech wär frou wann déi och an deemselwechte Kader kéint matdiskutéiert ginn.

Ech soen Iech merci.

***Motion 5***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les objectifs de la convention-cadre des Nations Unies signée à Rio de Janeiro en 1992 et ratifiée en 1993 par la Chambre des Députés ainsi que les objectifs du protocole de Kyoto;*

*- considérant la responsabilité historique des pays industrialisés et notamment européens face au problème des émissions des gaz à effet de serre (cf. les émissions élevées de $CO_2$ par tête d'habitant);*

*- considérant qu'il est urgent d'apporter aux schémas de production et de consommation dans le domaine économique les modifications qui permettront d'atteindre les objectifs à long terme de la convention et du protocole précités;*

*- considérant que les problèmes planétaires associés aux changements climatiques pourraient avoir une incidence considérable sur la production et sur la productivité de l'agriculture mondiale, réduire la diversité biologique, conduire à la disparition de terres cultivables et à des déplacements de population et provoquer l'augmentation d'un certain nombre de maladies transmises par vecteurs;*

*- considérant que les données scientifiques attestant le changement climatique pourraient présager des conséquences sociales, économiques et écologiques inacceptables dans les décennies à venir et que les pays en voie de développement seraient frappés plus durement par ces phénomènes causés avant tout par les pays industrialisés;*

*- considérant que cette situation incite à adopter une politique préventive afin d'atténuer les effets des changements climatiques dont seront concernées surtout les générations futures qui devront supporter les coûts des conséquences et qui seront confrontées à des coûts économiques beaucoup plus élevés pour la réduction des émissions;*

*- considérant que le Luxembourg fait figure de pays grand producteur d'émissions de gaz à effet de serre;*

*- considérant que la consommation de carburants a une influence disproportionnée sur nos émissions;*

*- considérant que la majorité de la consommation de carburant n'est pas imputable à la flotte véhiculaire du Luxembourg mais qu'il est le résultat du phénomène dit du „Tanktourismus";*

*- considérant que dans la stratégie pour atteindre l'objectif contraignant de Kyoto un des axes consiste à freiner la tendance à l'augmentation intense du trafic routier et de la consommation des carburants d'ici 2010;*

*invite le Gouvernement*

*- à faire une étude d'évaluation sur les conséquences économiques, écologiques et financières du phénomène du „Tanktourismus";*

*- à élaborer une stratégie concrète permettant de freiner la consommation de carburants d'ici 2010.*

*(s.) Camille Gira, François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss, Renée Wagener.*

M. le Président.- Merci, Här Gira, domadder maache mer déi Klammer zou. Et ass selbstverständlech, dass dem Här Strotz seng Motioun déi Motioun vum leschten Dënschden ersetzt. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Marie-Josée Frank.

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Erklärung vum Premier iwwert déi wirtschaftlech, sozial a finanziell Lag vum Land ass ëmmer erëm d'Geleeënheet, e kuerze Réckbléck ze maachen an an d'Zukunft ze kucken. Et ass och d'Geleeënheet fir sech Gedanken iwwert d'Suergen an d'Erwaardunge vun de Leit an iwwert déi gesellschaftlech politesch Erausfuerderungen ze maachen. Déi lescht 12 Méint waren net einfach. Um internationalen an europäeschen Niveau huet d'Wirtschaft missen e Réckgank verzeechnen. Dësen Zoustand huet sech och bei eis hei zu Lëtzebuerg nidder gelooss. Wann de wirtschaftlechen Opschwonk, d'Erhéijung vum Aarbechtswuesstum an d'Produktioun vum Chômage d'Prioritéite vun eiser Politik waren an an deenen nächste Méint selbstverständlech och wäerte bleiwen, dierf een awer bei all deene wirtschaftlechen a finanzielle Schwieregkeeten déi sozial a gesellschaftspolitesch Aspekter net vergiessen.

An deene leschte Méint sinn iwwer honnert Projeten hei am Haus gestëmmt an 130 deponéiert ginn. D'Tatsaache weisen, dass d'Regierung net nëmmen, wéi eise Premier dat formuléiert huet, konsequent regéiert huet an hellwakreg ass, mä dass si bis haut eng responsabel Attitüd huet, Attitüd déi weider ze féieren ass, besonnesch elo wou déi wirtschaftlech Lag net méi esou roseg ausgesäit, wéi mir dat an deene leschte Jore gewinnt waren. Méi wéi an der Vergaangenheet heescht et geziilt Prioritéiten ze setzen. Zu deene Prioritéite gehéiert och de ganze gesellschaftspolitesche a sozialen Aspekt, quitte dass een och an dëse Beräicher muss geziilt virgoen an iwwerdriwwen oder onvernünfteg Fuerderunge muss meiden, wann een net wëllt d'Zukunft vun eisem Land hypothekéieren.

Eng geziilt prioritär Moossnam fir d'Zukunft ass déi vum Ausbau vun der Palliativmedezin. Den aktuellen Zoustand vun der Palliativmedezin zu Lëtzebuerg ass bei wäitem net zefriddestellend. De Premier schwätzt vun engem palliativen Niemandsland. Ech hunn des Öfteren hei am Haus op déi prekär Situatioun opmierksam gemaach, an dowéinst stellen ech haut mat grousser Satisfactioun fest, dass d'Regierung de Fuerderunge vun der Chamber Rechnung dréit. Ech erënneren an deem Zesummenhang drun, dass d'Chamber eng Motioun an dësem Beräich gestëmmt hat.

De Budget 2004 an d'Budgeten duerno sollen, fir nach eng Kéier eise Premier ze zitéieren, eiser Flicht an dësem Beräich integral nokommen. Dëst beinhalt datt 440 Patienten d'Joer kënnen hospitaliséiert ginn, datt 700 Persounen doheem oder an enger spezialiséierter Palliativklinik gepfleegt a begleet kënne ginn, an datt 115 Persounen d'Joer am Dageshospiz opgeholl kënne ginn. Dës Innovatioun brauch eng zolidd finanziell Basis. Dat ass eis bewosst, mä d'Palliativmedezin muss eis dat wäert sinn, awer ouni eng ugepasste Formatioun vun den Haaptacteure kann een esou vill bauen, bäibauen oder investéiere wéi ee wëll, d'Palliativmedezin entwéckelt sech dowéinst awer net weider. D'Formatioun, d'Kompetenzen an d'Erfahrunge vun den Dokteren an Infirmièrë spillen do eng wesentlech Roll.

Ee weidert Beispill vun enger responsabeler Politik vun eiser Regierung ass dat vum drëtten Alter. Et ass eng Politik, déi sech weise léisst. An deene leschten 12 Méint sinn an dësem Beräich wichteg Projeten an der Chamber gestëmmt ginn. Ech denken do zum Beispill un d'Moderniséierung an d'Ëmstrukturéierung vum Heeschdrefer Schlass an e Centre intégré fir eeler Leit. Selbstverständlech musse mir weider där demographescher Evolutioun Rechnung droen, awer d'Schafung vun Opfangstrukturen ass nëmmen een Deel vun enger aktiver Politik vum drëtten Alter.

D'Fro vu qualifizéiertem Fleegepersonal, déi sech haut stellt, wäert sech an deenen nächste Joren nach méi akut stellen. D'Zuel vun de Schüler, déi enger paramedizinescher Formatioun noginn, ass säit e puer Joer zréck gaangen. D'Regierung ass gefuerdert d'Fleegeberuffer ze promouvéieren a jonk Leit duerch eng Sensibiliséierungscampagne ze motivéieren, fir sech fir dës sozial Beruffer ze entscheeden.

En anere Projet, dee viru kuerzem hei an der Chamber gestëmmt gouf, ass deen, dee sech esouwuel an de Kader vum nationale Programm fir eeler Leit wéi och fir behënnert eeler Leit integréiert, an deen de Stat autoriséiert sech finanziell un der Schafung vun deem Centre intégré fir eeler Leit zu Fréiseng ze bedeelegen. Mat dësem Projet ass deen éischte Centre intégré fir eeler Leit mat Behënnerunge geschafe ginn, deen de spezi-

fesche Besoine vun dëser Populatioun entsprécht.

E weidert Beispill fir d'Engagement vun der Regierung a puncto Politik fir behënnert Matbierger ass de Projet, deen d'Chamber de leschten Dezember gestëmmt huet, fir d'Transformatioun an den Ausbau vum Institut St. Joseph zu Betzder zu 100% ze finanzéieren. Mat dësem Projet garantéiere mir eise behënnerte Matbierger e qualitativ Encadrement, dat de Standardë vun haut, wat d'Betreiung an d'Besoinen ugeet, Stand hält.

Trotz villen Efforte bleift awer nach villes op dësem Gebitt ze maachen. Ech begréissen dowéinst d'Initiativ vun der Regierung fir am Kader vum europäesche Joer vun de Behënnerten d'Leit iwwert d'Problemer an d'Rechter vun de Behënnerten ze informéieren. Et sinn eng Rei vu Seminaren, Sensibiliséierungscampagnen, Konferenzen, sportlech Aktivitéiten, Expositiounen an aner Initiativen an Aktivitéite virgesinn. Dës Initiative wäerten ouni Zweifel dozou bäidroen zwou verschidde Welten, déi vun de Behënnerte mat där vun den Net-Behënnerten, méi no ze bréngen. Ech begréissen all déi Initiativen, déi eis Familljeministesch, d'Madame Marie-Josée Jacobs, an dësem Kader ënnerhëlt.

E kloert a konkret Zeechen a Richtung vu méi Integratioun ass de Projet de loi iwwert d'Akommessituatioun vun de Behënnerten, deen, esou hoffen ech, nach virun der Summervakanz ka gestëmmt ginn. Behënnert Leit hunn e Recht op en Aarbechtsvertrag en bonne et due forme. Et ass eng Fro vun Dignitéit a vu Mënscherechter. Si sollen an Zukunft ee Mindestloun bezéie fir hir Aarbecht. De Projet regelt och d'Situatioun vun deene Behënnerten, déi wéinst hirem schwéieren Handicap kenger Aarbecht kënnen nogoen. Vill vun deene sinn op d'Hëllef vun hirer Famill ugewisen. Wann dat Gesetz bis gestëmmt ass, kréie si e staatlecht Akommes garantéiert, an domat garantéiere mir hinnen hir Autonomie.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wär frou wann d'Integratioun vun de Behënnerte Fouss géif faassen, net nëmmen an der Aarbechtswelt. Et stellt ee mat Bedauere fest, dass nach vill öffentlech Gebailechkeeten net oder schwéier zougängeg fir eis behënnert Matbierger sinn. An Zukunft sinn do weiderhi Stat a Gemenge gefuerdert.

Ech stellen och fest, dass eise Schoulsystem weider selektiv oder elitär ass, obwuel haut vill vun Integratioun vu behënnerte Kanner geschwat gëtt an obwuel dës Integratioun säit dem Gesetz vum 28. Juni 1994 eng legal Basis huet. D'Integratioun vu Kanner mat spezifesche Bedierfnisser am soi-disant normale Schoulunterricht ass awer an der Praxis nach ëmmer net garantéiert. Ech stellen och mat Bedauere fest, dass d'Resistenze vun deene leschte Joren zou an net ofgeholl hunn. Ëmmer méi Leit plädéiere fir d'Erhale vun eisem elitäre Schoulsystem, an dëst implizéiert d'Ausgrenzung vu behënnerte Kanner.

Et ass geplangt, d'Schoulgesetz vun 1912 ëmzeänneren. Ech hoffen, dass d'Integratioun vu behënnerte Kanner am Kader vun där geplangter Reform wäert gefördert an net gebremst ginn. Mir sollen net vergiessen, dass den Zoustand vun eiser Gesellschaft sech am Ëmgang mat deene méi schwaache Bierger, an dozou gehéieren och eis behënnert Matmënschen, miesst.

Mäi Wonsch ass et, dass mir dëst Joer notzen eis méi fir d'Rechter an d'Usprëch vun eise behënnerte Matbierger anzesetzen. Et geet jo aus verschiddenen Etüden ervir, sief dat um internationale mä och um nationalen Niveau, dass d'Famill am Zentrum vun eisem Wäertsystem läit.

Mat der Aféierung vun der Erzéiungspauschal huet d'Regierung e weideren Akzent op d'Wichtegkeet vun der Famill geluecht, virun allem op d'Erzéiungsaarbecht. Et ass nëmmen normal, dass dës Aarbecht ënnert enger oder där anerer Form, sief dat ënnert der Form vun de Babyjoren, den Erzéiungsjoren oder engem Forfait endlech méi honoréiert gëtt. D'Regierung, mä ganz speziell d'CSV huet sech bis zum Schluss agesat, fir dass dës ëmstridde Moossnam och sollt gestëmmt ginn.

Mä d'Famill vun haut an d'Virstellung vum Familljeliewen hu sech an der Zäit vun e puer Jorzéngten drasteg geännert. Ëmmer méi Fraen a Mamme si beruffstäteg. Mëttlerweil gëtt all zweet bestuete Koppel gescheet. Patchwork-Famillje sinn de groussen Trend vun der Zukunft.

Eng wichteg gesellschaftspolitesch Erausfuerderung ass d'Upassung u méi familiär Strukturen a Liewensweisen. De Projet de loi iwwert d'Union libre, sou wéi deen iwwert den Numm vum Kand, sinn um Instanzewee.

Moossnamen déi zum Zil hunn, d'Familljeliewe mam Beruffsliewen ze verbannen, sinn an deene leschte Jore weider ausgebaut ginn. Ech denken do virun allem un déi Plazen an de konventionéierten a private Kannercrèchen an d'Dagesfoyeren, déi geschafe gi sinn. Ech begréissen d'Efforten, déi säit Jore vun der Regierung mä och vu verschidde Gemenge gemaach ginn.

D'Offer vun den Opfangstrukturen, respektiv d'Encadrementsstrukturen, virun allem fir d'Kanner am Schoulalter, ginn awer nach ëmmer net duer. Wann d'Strategie vun der Regierung déi richteg ass, misst een awer a mengen Ae probéieren d'Offer ze diversifizéieren, zum Beispill andeem ee privat Modes de garde fuerdert. A sengem leschten Avis schléit de Wirtschafts- a Sozialrot vir, den Dageselteren ee spezifesche Statut ze ginn, deen net ze strikt reglementéiert wier. Et kënnt een esou d'Offer un Opfang- a Betreiungsstrukturen erliichteren, an do méi de Besoine vun de Familljen nokommen.

De Projet, eng Unité fermée fir Jugendlecher zu Dräibuer ze schafen, beweist, datt d'Regierung hire Reformdriff an deenen nächste Méint wäert weider dreiwen. Ech denken dass Jugendlecher, déi adequat encadréiert ginn, d'Méiglechkeete wäerte kréien hoffentlech spéider am gesellschaftleche Liewe besser zurecht ze kommen. Dat ass och en Akzent an d'Zukunft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass wichteg dass mer mat der Zäit weiderginn an eis Gesellschaft op d'Zukunft virbereeden, awer net nëmmen um wirtschaftlechen Niveau. Et kann ee just hoffen, dass d'Regierung hir Prioritéiten zukünfteg weider richteg definéiere wäert. De Reformagenda fir déi nächste Méint léisst dorop schléissen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Madame Frank. Deen nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäin éischte Gedankegank nom Statsminister Juncker senger Deklaratioun zur Lag vun eiser Natioun war ouni Zweifel dee Luef un dës CSV-DP-Regierung, déi wäitgehend all déi Projeten, déi se virhat ze realiséieren, scho stëmme gelooss huet oder zumindest hei am Haus deponéiert huet. Dovunner 32 am Ufank vun der Woch.

Esou wéi de Statsminister Juncker d'Chamber an haaptsächlech hir Majoritéit gelueft huet, gëllt natierlech onse Luef dëser Regierung. Dësem Land geet et nach wie vor, Här Di Bartolomeo, net schlecht, nach ëmmer besser wéi am noen a wäiten Ausland. Dat gëtt jo ëmmer behaapt, mä dat ass schonn esou säit 58 1/2 Joer. An dat kënnt net vun ongeféier, dat kënnt well ons Bierger a Matbierger an dësem Ländche säit eh und jee fläisseg sinn, an ons Regierung an den 58 1/2 lescht Joren iwwert d'Bank eng gutt Politik gemaach huet. Esou einfach geet dat.

Et geet net fir hei an d'Mattekëschte wullen ze goen, an ze behaapte fréier wär alles besser gewiescht, och net an der leschter Legislatur. Näischt, an dat wëssen d'Bierger dobaussen, war fréier besser wéi haut, weder de Liewensstandard, d'Aarbechtskonditiounen, d'Sozialversécherungen, an ech kënnt laang esou virugoen. Also, et soll keen hei kommen an déi "heile-Welt"-Konzepter ons virgaukelen. D'Gesellschaft ass vill besser ginn. An trotz alle regionale Kricher, Här Krecké, a regionaler oder lokaler Kriminalitéit lieft d'Mënschheet an der rouegster Period vun hirer Existenz, och weltwäit.

An an dëser Legislatur, an de Premier Juncker huet drun erënnert, hu mer eng ganz Rei Gesetzer gestëmmt, déi vläicht an nächster Zukunft mussen nogebessert ginn. Gefall huet mir speziell déi Ausso vum Statsminister iwwert d'Defiziter, demokratesch Defiziter an dëser Gesellschaft. Seng Ukënnegung vum Referendum an de konstitutionelle Froen am Kader vun der representativer Demokratie ware fir mech iwwerzeegend. Natierlech bleift ee Problem. Dat ass, wat ass d'Definitioun vun der sougenannter Zivilgesellschaft, déi hei elo e puermol an deene leschten Deeg ernimmt ginn ass? A mengen Ae bleift se extrem floue, well mëttlerweil jiddereen am Ländche weess, dass de Fonds de commerce vun der Zivilgesellschaft vun enger ganz butzeger klenger Zuel Ënnerorganisatiounen oder Organisatiounen accaparéiert gëtt, déi natierlech guer näischt mat iergendenger politescher Beweegung oder mat iergendenger Gewerkschaft, onofhängeg oder net, ze doen hunn. Also wäert déi Definitioun vun der Zivilgesellschaft net einfach ginn an den nächste Méint a Joren.

An ech wäert och haut, Här Krecké, aus Respekt virun lech an Ärer Partei, net op d'Leeschtung oder d'Feelleeschtunge vum Här Goebbels speziell agoen, wéi dat e puermol hei ugeklongen ass. D'Bierger dobaussen interesséiere sech méi fir d'Zukunft wéi fir d'Vergaangenheet. Dat musst Dir och verhalen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dat ass eng gutt Erklärung.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Frou ware mir och datt de Statsminister, wéi scho beim leschte Statsbudget, annoncéiert huet, dass an dëser Legislatur keng Erhéijunge vu Steieren oder Cotisations sociales méi kéimen. Ech widderhuele mech hei nach eng Kéier, fir dass all politesch Parteien an hiren nächste Wahlprogrammer méiglechst genau hir Steierpolitik an d'Assiette de cotisations sociales festschreiwen, méiglechst genau, fir dass no de Wahle keng Mëssverständnisser opkommen, wéi dat zum Beispill an Däitschland de Fall war.

Dat nämlecht gëllt fir d'Ëmverdeelung, net nëmme vum Räichtum, mä och vun der Aarbecht, fir dass déi, déi haut scho vill schaffen, net nach méi schaffe mussen, an déi, déi haut schonn net vill schaffen, nach manner schaffe wäerten. Mir brauche keng Stakhanovisten. Kennt Der dee Konzept net? Stakhanovisten, dat waren an der Sowjetrepublik déi Leit, déi sech 25 Stonnen den Dag dru ginn hunn an dann en Uerde kritt hunn. Mir brauche jiddereen an dëser Gesellschaft, dee senge Capacitéiten no e Bäitrag zu dëser Gesellschaft bréngt.

Ganz frou war ech ze héieren, an dat zum Deel och, dass den Här Lux hei d'Opwäertung vum Parlament gefuerdert huet. Dat war extrem iwwerraschend fir mech, well an deene leschte 15 Joer, wéi hien an der Majoritéit soutz, hu mer en ni héieren. Dunn huet alles missen an der Tripartite ofgewéckelt ginn. Esou kann een natierlech, jee nodeem wéi d'Lag ass vun der Natioun, seng Meenung änneren. Ech war awer ganz zefridden doriwwer.

***(Interruptions diverses)***

Hunn ech et falsch verstanen? Ech war net an der Chamber, mä ech verfollegen awer d'politescht Liewe schonn eng gewëssen Zäit.

Dat gesot si mir och der Meenung, wéi de Statsminister Juncker, dass d'parlamentaresch Majoritéit an dësem Haus hellwakreg ass, och d'demokratesch Fraktioun. En huet dat gesot.

Ech wollt awer elo zu zwee, dräi Sujete Positioun bezéien.

Den Här Bausch hat d'"Jeunesse en détresse" ugeschwat, an och d'demokratesch Fraktioun mengt, dass do muss op Preventioun gesat ginn, a mir sinn och ganz houfreg op déi Fläissaarbecht vun der Madame Brasseur an der Education nationale, a mir sinn och iwwerzeegt dass hir Aarbecht Friichten droe wäert. Kee Schoulminister huet sech an de leschte Jorzéngten esou vill agesat fir d'Schüler, d'Enseignanten an d'Elteren. Mä et bleiwen nach vill Aufgaben.

***(Interruption)***

Ech schwätzen hei vun der Madame Brasseur. Fir nohalteg sozial Schied ze vermeiden duerch Onqualifikatioun vun de Schoulofgänger wär d'Regierung gutt berode fir vill Suen ze lackeren, fir an eng qualitativ Oprëschtung bei den Enseignanten an de Schoulgebaier vun deem sougenannte Complémentaire. Et huet een dat haut de Mëtteg hei ugeschwat gehat. Dat ass eng Mindestfuerderung. D'Stad Berlin, opscho se finanziell a Faillite ass, huet fir iwwer 70.000 Schüler am Préscolaire e Sproochekompetenztext agefouert, fir déi däitsch an déi auslännesch Kanner. Esou kann ee schonn am Virfeld, virun der Aschoulung, Problemer identifizéieren. Interessant wär esou eng Analys an onser multi-linguistescher a multi-kultureller Gesellschaft.

Eng aner Noutwendegkeet ass déi fälleg Reconfiguratioun an der Organisatioun vum Gesondheetswiesen, speziell am Spidolswiesen an am ambulante Secteur. Dee Projet vum Finanzéierungsgesetz kënnt elo geschwënn hei an d'Chamber a wäert gestëmmt ginn. Da wäert de Contenant stoen, mä de Contenu an de Fonctionnement bleiwen nei ze definéieren. Defiziter gesi mir net onbedéngt nëmmen an den Aarbechtskonditiounen, wéi dat hei ugeklongen ass. Mir hunn tatsächlech en Defizit vun der Organisatioun a vun der personeller Besetzung an haaptsächlech an deem bürokratesche Waasserkapp an Opwand am Gesondheetswiesen. Esou ass et net erstaunlech - ech erklären lech dat Här Huss -, dass d'Motivatioun fir an d'Gesondheetsberuffer schaffen ze goen net méi oder wéineg ginn ass. Dat hunn ech schonn am Dezember 1999, mat engem gewëssene Succès, deemools hei behaapt. An ech mengen, dass déi de facto Rationéierung, dee Phenomeen ass schonn amgaangen erlieft ze ginn.

D'Waardelëschte kommen op, an eng ganz Rei aner Saachen, déi zum Deel duerch eng iwwernormativ Tendenz an deem Secteur bei der Gesondheetsversuergung verursaacht sinn. D'Betreiung gëtt ëmmer méi anonym an de mënschleche Kontakt veraarmt. Et gëtt also elo Zäit fir sech der demographescher a moralescher Krisis am Gesondheetsecteur zouzewenden.

Fazit heivunner ass, datt dat Gesetz vun 1992, vun der Budgetisatioun vun de Spideeler, an d'Gesetz vun 1998 iwwert d'Etablissements hospitaliers nei opgeluecht musse ginn, well déi Gesetzer hunn deemools am Gesondheetswiesen déi "rentes de situation" an den Immobilismus festgeschriwwen.

Déi ugestrieften Exzellenz an Effizienz, vun där Der ëmmer héiert, geet net ouni zousätzlech Mëttel. Dat kann net anescht goen, wa keng Mëttel zur Verfügung gestallt ginn. Ech schwätzen hei also net nëmme vum Transfert vun der Verantwortung an de Spideeler oder vun de soziale Voleten an de Projets d'établissement, déi ganz vernoléissegt sinn. Mir wëllen also net, dass d'Inertie am Fonctionnement sech definitiv installéiert. Mir mussen also déi Reformen ugoen. Ech woen hei ze behaapten, dass d'Politik do dreiwend si muss, well mir hu jo gesinn, et kënnt net vill vun de Krankekeesen a vu soss Institutiounen.

Bal véier Joer hunn ech d'Freed gehat hei an dësem Haus an der Budgetskontrollkommissioun ze sëtzen, an déi Kommissioun mécht ënnert hirem President Jeannot Krecké a mengen Aen eng ganz gutt Aarbecht an Zesummenaarbecht mat der Cour des Comptes. Leider huet déi gutt Erfahrung och gewisen, dass onse Stat keng Sanktioune virgesäit fir Leit, Verwaltungen oder Betriber, déi sech net un d'Reglementer oder un d'Gesetzer halen.

D'Cour des Comptes mécht hir Aarbecht gutt, mä ech gleewen zwar dass et Zäit gëtt eng vun hire Missiounen ze aktivéieren, an zwar déi déi am Artikel 3, Paragraph 4 vun hirem Gesetz steet, wa mäi Souvenir gutt ass, wou se d'Analyse des matériaux an all déi Saache virgesi muss, wéi dat zäitlecht Ofhuele vu Konstruktiounsprojeten, d'Qualitéit vun der Konzeptioun a vun der Konstruktioun iwwerpréiwen - well mir hu jo bei verschiddene grousse Projete gesinn, dass dat total am Eemer ass - am Sënn vun enger qualitativer Nohaltegkeet par rapport zu den investéierte Suen.

A verschiddenen auslännesche Cours des Comptes bestinn esou Aktivitéiten. Si huet neierdéngs och zwee Ingenieuren agestallt. Et ass also noutwendeg, dass mer do derhannert ginn. Si misst och duerfir suergen, dass eng effikass Maintenance an deene grousse Gebaier iwwert d'Joren no der Konstruktioun stattfënnt. Esou eng Aktivatioun géif doudsécher villen öffentlechen Institutiounen an dem Steierzueler vill Sue spueren.

Am Géigesaz zum Här Bausch - Här Bausch, Dir hutt zumindest an d'Zukunft gekuckt - hunn ons sozialistesch Frënn e melancholesch, nostalgesche Bléck an d'Vergaangenheet geworf an hei iwwerflächlech Analysen zum Beschte ginn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Dat gleeft Dir selwer net.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Ech gleewen dat doten.

***(Hilarité)***

Dir wësst jo, ech soen hei nëmme wat ech gleewen.

***(Interruptions)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Mir sinn net gewinnt, dass Der beispillsweis d'Regierung lueft!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- A sengem Waasser ass kee Wäi méi.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Ech géif awer mengen, dass am Géigesaz zu deem komplette Menü, deen de Statsminister hei

am Ufank vun der Woch virgeluecht huet, Är Propositiounen, Här Krecké, et deet mer Leed fir et lech ze soen, engem duerchsiichtege Court-bouillon gläichen, ouni Salz a Peffer.

Ech muss och soen, dass d'Majoritéitspropositioune mir vill besser gefalen.

***(Interruption)***

Jo, ech hoffen, Här Fayot, dass Dir lech elo iwwert déi nächst Wahlperspektiv kënnt ewechsetzen, well et gëtt een d'Gefill net lass, dass Der esou verkrampft optrëtt, dat ass e bëssen esou den Effekt virum Wieler wéi d'Maus virun der Kaz.

***(Hilarité)***

Ech mengen et gëtt Zäit dass Der do lech e bëssen entspaant.

***(Hilarité)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Mir hunn e Patient virun eis. Dat mécht eis Suergen.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Wéi gesot, Dir musst lech e bëssen entspanen. Mir gleewen och, dass déi heite Regierung mam Statsminister Juncker a mat hirer Majorité parlementaire trotz engem schwieregen Ëmfeld eng sozial ausgeriichten a chancëgerecht Politik bedriwwen huet.

D'demokratesch Fraktioun réit lech och ënner anerem den Artikel vum Guy Schuller ze liesen, deen an de leschten Annalë vum Institut grand-ducal, Volume siwen, publizéiert ginn ass, an dat interesséiert och de Statsminister. Do steet e laangen Artikel iwwert d'Gléck. Hien huet eng Kéier op der Televisioun gesot - doru kann ech mech erënneren, virun e puer Joer -, hie wär net responsabel onbedéngt fir d'Gléck vun de Bierger. Mä et ass eng interessant Analys an deem Bulletin vum Institut grand-ducal iwwert d'Gléck an d'Beglécken. Dat steet och dobäi.

Also ofschléissend, fir lech net méi laang opzehalen, gleewen ech, dass d'demokratesch Fraktioun dëser CSV-DP-Regierung hiert Vertrauen, och fir d'Zukunft, ausdréckt.

Merci.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Nom Här Krieps kritt den Här Nico Loes d'Wuert. Här Loes, Dir hutt d'Wuert.

M. Nico Loes *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Statsminister huet an der Erklärung zur Lag vun der Natioun bemierkt: „Et gëtt net alles ugeschwat, awer och zu deem wat net ugeschwat gëtt wär villes ze soen." Dofir wollt ech e puer Wuert hei iwwert d'Landwirtschaft verléieren.

Une voix.- Très bien.

M. Nico Loes *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, der Lëtzebuerger Landwirtschaft bléist de Wand an deene leschte Jore frontal an d'Gesiicht an en Enn schéngt de Moment net a Siicht ze sinn. No de Liewensmëttelskandaler, déi d'Lëtzebuerger Agrarwirtschaft, an net nëmmen déi, a Mëssgonscht beim Verbraucher bruecht huet, sinn et elo déi gemeinschaftlech Agrarpolitik, d'Schwéngspescht an d'Gefligelpescht, déi de Lëtzebuerger Bauer fäerten dinn.

D'Gefor vun enger Ausbreedung vun der Gefligelpescht op Lëtzebuerger Betriber wéi schonn an Holland, an der Belsch a sou wéi an Nordrhein-Westfalen ass virleefeg deemno dee leschten Akt an engem Stéck, wat sech esou lues awer sécher zu engem Drama fir de Lëtzebuerger Agrarsecteur entwéckelt. D'Verhandlungen iwwert d'EU-Agrarreform wéi se elo vun der EU-Kommissioun um Dësch läit an d'Verhandlungen tëschent der EU an der OMC, der Organisation mondiale du commerce, sinn Dossieren, wou sech Konsequenzen am Fall vun engem negative Verhandlungsofschloss fir de Lëtzebuerger Bauer als desastréis erweise wäerten.

Och wann ee mat der Lasskopplung vun de Primë vun der Produktioun kann d'accord sinn, esou muss een awer oppassen, datt eng Verlagerung op den zweete Pilier net zu engem weideren Akommesverloscht vun eiser Lëtzebuerger Landwirtschaft kënnt, well mir scho viru Joren op dëse Pilier opgebaut hunn. Ech wéilt a menger Interventioun op eng Rei vun dëse Punkten agoen, déi dem Agrarsecteur am Moment schwéier um Mo leien, an dat ausgehend vun deenen ekonomeschen Eckdate vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, säit fënnef Joer ass d'Akommes vun de Lëtzebuerger Bauere réckleefeg. Wéi aus de Schätzunge vum EUROSTAT ervirgeet, läit de Prozentsaz vun dësem Réckgang par rapport zum Virjoer bäi 5%. D'Kluft, déi sech um Niveau vum Revenu tëschent dem Agrarsecteur an anere Beruffsgruppen opdeet, gëtt ëmmer méi grouss. Den Ënnerscheed tëschent dem duerchschnëttleche Bruttoakommes an dem Nettoagrarakommes huet sech säit dem Ufank vun den 90er Jore mat 11.000 Euro méi wéi verduebelt. Am Verglach mat 1995 ass d'Akommes ëm méi wéi 13% zréckgaangen. Eleng tëschent 2001 an 2002 huet sech de Produktiounswäert ëm 8,7% verréngert.

Doriwwer eraus ass och d'Präisentwécklung dramatesch, esou beispillsweis ass deen aus verschiddene Produiten zesummegesatene Präisindex ëm 18,9% gefall. Bei de Kären ass de Präis ëm 12,5% erof gaangen, beim Rëndfleesch an der Moyenne ëm 6,8% an no der BSE-Kris nach eng Kéier ëm 0,5%. Compte tenu vun engem Produktiounsréckgang vun 11% huet sech de Réckgang och am Portmonni bei de Bauere bemierkbar gemaach. Beim Schwéngefleesch ass d'Produktioun an de Präis an de leschte Joren ëm net manner wéi 25% zréckgaangen, wat als direkt Konsequenz vun der Schwéngspescht ze wäerten ass.

Zu gudder Lescht ass de wichtegste Produktiounssecteur, de Mëllechpräis, ëm net manner wéi 4% gefall, wat am Kontext vun der Wichtegkeet vun der Mëllechproduktioun fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft zu spierbaren, jo drameteschen Abousse gefouert huet. D'Virschléi vum Franz Fischler géifen, wa se dann ëmgesat ginn, zu zousätzlechen negativen Entwécklungen um Niveau vun de Mëllechpräisser bäidroen.

Dës substanziell Abréch sinn duerch de Retard um Niveau vun der Applicatioun vum neien Agrargesetz, e Gesetz wat eng ganz Rei vun Aidë virgesäit, nach verstäerkt ginn. Ech hoffen, dass et grad op dësem Gebitt an deenen nächste Méint zu substanzielle Verbesserunge kënnt, an dëst duerch eng konsequent a séier Ëmsetzung vum neien Agrargesetz, well eis Baueren dorop waarden.

D'Schwéngspescht huet 2002 de Secteur an eng déif Kris gestierzt mat deene beschriwwenen Entwécklungen. Méi wéi e Véirel vum Bestand huet misse geschluecht ginn an d'Restriktiounen, spriech d'Schutzmoossnamen, déi sech aus dëser Katastroph erginn hunn, hu weider finanziell Pertë mat sech bruecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hate virun e puer Wochen eng wichteg Aktualitéitsstonn iwwert d'Virschléi vun der europäescher Kommissioun zur Reform vun der gemeinsamer Agrarpolitik. De Wirtschafts- a Sozialrot seet viraus, dass dës Reform de Revenu vun de Lëtzebuerger Baueren nach eng Kéier géif erofdrécken, well si déi aktuell gemeinsam Agrarpolitik géif auserneen huelen, an dëst zu engem Moment wou op globalem Plang, virun allem an den USA, déi staatlech Ënnerstëtzung fir d'Landwirtschaft weider an d'Luucht geet.

Am selwechte Kontext sinn d'Propositiounen, déi vun der europäescher Kommissioun am Kader vun de Verhandlunge mat der OMC virgeluecht ginn, ofzeleenen. Op dës lescht wëll ech nach zu engem spéideren Zäitpunkt zréckkommen, well si vun der Envergure hier net manner brisant si wéi d'Virschléi vun der Kommissioun zur EU-Agrarpolitik.

De Wirtschafts- a Sozialrot ass des Weideren der Meenung, datt d'Reformvirschléi vun der Kommissioun a groussem Widdersproch sti mat den Aussoe vum Bréisseler Sommet vum Oktober 2002, wou ënner anerem de Wëlle bekräftegt ginn ass, eng gemeinsam Agrarpolitik ze garantéieren, déi den europäesche Modell vun enger multifunktionaler an nohalteger Agrarpolitik bäibehält an déi sech op all Regioune vun Europa applizéiert.

D'Konsequenzen, déi sech aus der Duerchsetzung vun de Kommissiounsvirschléi géifen ofleeden, wieren desastréis fir d'Lëtzebuerger Baueren. Nieft den Aboussen um Niveau vun de Kompensatiounsgelder kéimen duerch déi Moossnamen eng ganz Rei vun neie Käschten op déi aktiv Baueren duer. Do derniewent géif d'Mëllechproduktioun mëttel- a laangfristeg hypothekéiert, déi nach wie vor een, jo wann net souguer dee wichtegste Pilier vun der einheimescher Landwirtschaft duerstellt. Doriwwer eraus lafen dës Entwécklunge Gefor, de Bienfait fir eis Gesellschaft reell op d'Spill ze setzen, an dat virun allem um Niveau vun enger sécherer, qualitativ héichwäerteger an domat onbedenklecher Liewensmëttelproduktioun. Déi virgeschloe Moossnamen zilen an éischter Linn op eng Reduktioun a schlussendlech op eng Konzentratioun vun de Betriber.

Och zu Lëtzebuerg lafe mir domadder Gefor dass vill Betriber, déi säit Generatiounen an der Hand vun enger Famill leien, gezwonge si fir opzehalen. An ob d'Kommissiounsvirschléi wierklech zu enger verbesserter ländlecher Entwécklung bäidroen, steet nach op engem anere Blat.

De Wirtschafts- a Sozialrot weist weider a sengem Avis op d'Positioun vum Europaparlament a vum europäesche Rot hin, déi sech skeptesch zu dëse Reforme gewisen hunn. Eise Landwirtschaftsminister huet eng raisonnabel Positioun an dësem Dossier bezunn. Et bleift ze hoffen, dass dës Oppositioun hir Friichte wäert bréngen, a mir hoffen dass de Minister Boden seng Haltung - an hie steet bekanntlech am EU-Ministerrot net eleng do - wäert duerchsetzen.

Et geet hei ëm vital Interesse vun de Lëtzebuerger Baueren. Ech denken, dass de Minister an dësem Dossier op eng breet Zoustëmmung am Plenum kann zielen, wann et drëm geet fir eng europäesch, nohalteg a multifunktional Landwirtschaft ze gestalten. Et besteet an dësem Dossier Grond zu virsiichtegem Optimismus, well den zoustännege Commissaire am Abrëll am Agrarministerrot Bereetschaft gewisen huet fir ze diskutéieren. Et bleift deemno ze hoffen, dass um Enn vun der griichescher Présidence ee Kompromëss virläit, deen och zu engem groussen Deel de Lëtzebuerger Interessen entsprécht.

Här President, ech hat virdrun déi ablécklech Verhandlunge vun der EU-Kommissioun mat der Organisation mondiale du commerce kuerz ugeschnidden. De Stéchdatum vum 31. Mäerz vun dësem Joer ass bekanntlech verstrach. Et läit keng gemeinsam Verhandlungsbasis vun der EU fir d'OMC-Ministertreffen am September zu Cancún vir. Et ass awer wichteg, eng gewiichteg Positioun an dësem Dossier anzehuelen, well sech innerhalb vun der OMC véier zum Deel diametral opposéiert Positiounen erausgeschielt hunn.

Éischtens: Ee Grupp, an dorënner fält d'EU, huet sech dofir ausgesprach, fir déi landwirtschaftlech Produktioun net ausschliesslech un d'Kritäre vun der Wirtschaftlechkeet ze koppelen.

En zweete Grupp, dee vu villen Entwécklungslänner gedroe gëtt, fuerdert, dass d'Aspekter vum Ëmweltschutz a vun der Liewensmëttelsécherheet mussen an d'Produktioun integréiert ginn. Dës Länner feelt et u Moyene finanzieller Natur fir dëst duerchzesetzen.

D'USA plädéiere fir hiren Deel fir d'Liberaliséierung an d'Subventionéierung vun der Landwirtschaft. A last but not least besteet d'Positioun vun den exportorientéierte Länner doranner, all Ënnerstëtzung fir d'Landwirtschaft ze ënnerbannen.

Aus dësen antagonistesche Positioune gëtt ersiichtlech, dass Sprengstoff an dëse Verhandlunge stécht, dee sech och fir d'Memberstate vun der EU als héichexplosiv erweise kann. An et steet vill um Spill, net zulescht den aktuelle Modell vun der gemeinsamer Agrarpolitik. Eng eenheetlech Positioun ass deemno d'Conditio sine qua non fir an de Verhandlunge mat der OMC domat en Handelskader ze schafen, deen der Aussiicht vum Liberalismus trotzt.

Här President, ech denken dass et an dësem Kontext net vollständeg wier, wann een net géif iwwert de Wäibau e puer Wuert verléieren. Grad am Kontext vun engem exceptionelle Cru vun 2002, dee sech mat gëllene Buschtawen - wéi de Sozialrot seet - an d'Annale vum Lëtzebuerger Wäin aschreift, ass et opportun fir - wéi gesot - e puer Reflexiounen doriwwer ze maachen.

Op enger Fläch vu ronn 1.300 Hektar hunn 536 Exploitantë ronn 154.000 Hektoliter produzéiert. D'Exploitatioun ass an deene remembréierte Parzelle rationaliséiert an och mechaniséiert ginn, wat ënner anerem mat sech bréngt, dass 62% vun de Fläche bewirtschaft ginn, an dat no Kritären déi mir virun allem um Niveau vum Ëmweltschutz a vum Erhalt vum natierlechen Ëmfeld hunn. Dës enorm Investissementer an Exploitatiounsmechanismen, déi de Stat mat Hëllef vu Bréissel konnt opbréngen, musse sech elo bezuelt maachen andeems de Stat sech och um Niveau vum Marketing vun de Lëtzebuerger Wäiner méi engagéiert, an dat virun allem op finanziellem Plang.

Och wann déi Lëtzebuerger Wäiner an de leschte Joren ee Qualitéitssprong no vir gemaach hunn, sou kann dëse Sachverhalt awer net driwwer ewech täuschen, dass mir ëmmer méi Wäiner aus anere Länner importéieren, wat de Maartundeel vun eisem Wäibau weider no ënnen dréckt. An enger Zäitspan vu 40 Joer ass den einheimesche Wäimaart exponentiell an d'Luucht gaangen an an därselwechter Period ass de Verkaf vun auslännesche Wäiner jährlech ëm 13,6% geklomm, wougéint de Verkaf vun de Lëtzebuerger Wäiner kaum ëm 1% an d'Luucht gaangen ass.

Aus dësen Iwwerleeungen ergëtt sech onweigerlech, dass mir dem Marketing vum einheimesche Wäibau en neien Impuls musse ginn. Mir als CSV-Fraktioun begréissen dofir ausdrécklech, dass virun engem Joer d'Commission de promotion des vins et crémants de Luxembourg an d'Liewe geruff ginn ass, wou zesumme mam Stat un engem Strang gezu gëtt, fir verschidden Objektiver um Niveau vun der Promotioun vum Lëtzebuerger Wäin ëmzesetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si mer bewosst dass am Kader vun den Debatten iwwert d'Lag vun der Natioun eng Interventioun zur Landwirtschaft kee vum Stull rappt. Ech sinn awer och der Meenung, dass de Secteur primaire nach wie vor wichteg ass fir déi weider Entwécklung vun eisem Land. Wa mir nei Weeër ginn am Kader vum Aménagement du territoire an an der Gestaltung vun der Zukunft vun eisem Land, da muss ee sech d'Fro stellen: Wat déngt eis eng gutt Organisatioun an Andeelung innerhalb vun de PAGen, wann de Rescht vun eisem Territoire net méi vun eise Baueren a Wënzer bewirtschaft an an der Rei gehale gëtt. Deemno ass et wichteg an noutwendeg, dass mir de Rôle vun deene ronn 2.500 Baueren- a ronn 500 Wënzerbetriber am Kontext vun der ekonomescher, der sozialer an der finanzieller Situatioun vun eisem Land weider ënnerstëtzen an ausbauen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Loes. Den nächsten Orateur ass den Här Emile Calmes.

M. Emile Calmes *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Moie konnte mer nolauschteren, wéi den Här Bodry hei un der Ëmweltpolitik kee gutt Hoer gelooss huet a reprochéiert huet, et wier net genuch gemaach ginn an deene Jore wou déi Regierung hei am Amt war. Et kann een dem Här Bodry nëmme Recht ginn, dass ni genuch an näischt gutt genuch gemaach gëtt; domat huet hie ganz bestëmmt Recht. Mä dass just den Här Bodry, dee jo awer den Titel als Ukënnegungsminister hat, och net alles gemaach huet, beweist d'Tatsaach, dass dëser Regierung hei nach relativ vill Aarbecht iwwreg bliwwen ass.

Ech erënnere just drun, dass den Här Bodry kuerz virun de Wahlen, zwee Méint virdrun, déi wichteg Gesetzer nach déposéiere gelooss huet. Dat war dat iwwert den Aménagement du territoire an dat neit Kommodosgesetz, mä virun allem den nationalen Nohaltegkeetsplang, deen eiser Meenung no awer eng Diskussioun verdéngt gehat hätt, wat awer u sech net geschitt ass. Ech erënneren och drun, dass d'Chamber sech deem nationalen Nohaltegkeetsplang hei ugeholl huet. An der Ëmweltkommissioun hu mer x Sitzungen dermat verbruecht d'Leit unzehéieren, fir duerno en Orientéierungsdébat hei ofzehalen an dann och déi néideg Konklusiounen ze zéien am Kader vun enger Motioun.

Alles wat mer an där Motioun gefuerdert hunn, ass dann elo an deem Gesetz, wat virgëschter vum Statsminister hei déposéiert ginn ass, och zréckbehale ginn. An deem Gesetz ass nämlech virgesinn, dass den nationalen Nohaltegkeetsplang institutionaliséiert gëtt an dass deen all véier Joer enger Reform ënnerzu gëtt. Et ass och virgesinn, dass all zwee Joer ee Rapport gemaach gëtt iwwert dat wat vun deem Plang ëmgesat ginn ass, an dass dann och Léiere gezu ginn opgrond vun deem Rapport, fir d'Politik ze änneren.

Et ass och virgesinn, dass d'Indicateurs de développement durable Partie intégrante vun deem Rapport hei sinn. Et gëtt och ee Conseil supérieur du développement durable an d'Liewe geruff a selbstverständlech och eng Commission interdépartementale iwwert d'Nohaltegkeet, déi déi verschidde Beamten aus de verschiddene Ministèrë regruppéiert. Dat, mengen ech, géif dem Sënn vun der Motioun 3 vun deene Gréngen, déi si hei déposéiert hunn, och gréisstendeels entspriechen.

Mä ech mengen net, dass d'Regierung huet missen een Nohaltegkeetsplang ofwaarden, respektiv ee Conseil supérieur vum Dévelop-

pement durable ofwaarde fir aktiv ze ginn, an ech mengen am Klimaschutz huet déi Regierung hei trotzdeem de Wee gewisen, wéi een et ka maachen, andeems dass Reglementer an d'Liewe geruff si ginn, déi Hëllefen zougestoen, déi wäit iwwert dat eraus gi wat an eisen Nopeschlänner de Fall ass.

Dat gëllt souwuel fir d'Particulieren, wou een awer muss ënnersträichen, dass an de leschten zwee Joer bal 3.000 Demandë gemaach si ginn en vue vun den Hëllefe wat d'erneierbar Energien ugeet. Dat ass net wéineg. Ech erënnere just drun, dass dat an deene fënnef leschte Jore vun der Regierung virdrun alles an allem 160 Demanden ausmaachen.

Et muss een och ënnersträichen, dass dat hei deem awer gerecht gëtt wat ëmmer hei gefuerdert gëtt, nämlech der Promotioun vun den ëmweltschounenden Technologien, respektiv erneierbaren Technologien. An dat hei ass amgaangen och hei zu Lëtzebuerg ee Maart unzekuerbelen, deen awer an der Zwëschenzäit eng gewësse Wichtegkeet huet.

Wann näischt méi u Kritik zitt, da gëtt gesot dass den Här Grethen en ënnerschwellegen Discours a senge Rieden doruechter géif féieren. Ech war net dobäi op der 75-Joer-Feier vun der Cegedel. Ech konnt nëmmen an der Zeitung liesen, wat do gesot ginn ass. Trotzdeem muss een drun erënneren, dass déi Chamber hei am Kader vum Ofstëmme vum Gesetz iwwert d'Liberaliséierung vum Elektrizitéitsmarché sengerzäit eng Motioun zréckbehalen hat, wou de Minister invitéiert gouf fir am Accord tarifaire mat der Cegedel dofir ze suergen, dass ee gréngen Tarif dora géif festgehale ginn. An der Zwëschenzäit ass dee gréngen Tarif wouer ginn. Jiddfereen doheem kann dee sougenannte Novastroum kafen. Novastroum, deen d'Cegedel an Däitschland akeeft bei enger Gesellschaft, déi de Numm huet vun enger Organisatioun, déi hei zu Lëtzebuerg bekannt ass, nämlech Greenpeace, wat och genuch Garantien dierft liwweren dass dee Stroum, deen d'Leit sech do kënne besuergen, okay ass.

Do dernieft ass am Kader vun der Reform vum Wirtschaftsförderungsgesetz een anert Gesetz hei déposéiert ginn, dass déiselwecht Hëllefen, déi un d'Privatleit ausbezuelt ginn, och un d'Betriber bezuelt ginn. Do kënnen Hëllefe bis zu 40% un d'Betriber goen a souguer nach doriwwer eraus, wat déi rationell Notzung vun der Energie ugeet, wat d'Investitiounen an erneierbar Energien ugeet, awer och wat de Schutz vun der Ëmwelt ugeet.

Net méi spéit wéi virgëschter ass dann och ee Gesetz hei déposéiert ginn, mat deem déi Direktiv ëmgesat gëtt, wou et ëm d'Promotioun vum Stroum geet, deen opgrond vun erneierbaren Energië produzéiert gëtt. Et geet ganz sécher net duer Subventioune fir erneierbar Energien oder d'rationell Notzung vun der Energie auszebezuelen, do derzou gehéiert ganz sécher och, dass Energie gespuert gëtt.

Et ass vläicht kee groussen Tamtam ëm e Reglement gemaach ginn, wat zanter zwee Méint awer schonn hei an der Chamber läit, wou et u sech ëm déi sougenannten Altbausanierung geet. Den Ëmweltminister huet nämlech e Gesetz hei déposéiert mat deem déi Leit, déi hir Haiser sanéieren, andeem se dofir suergen, dass Energie agespuert gëtt, Subventioune kënne kréie bis zu enger Héicht vun 1.000 Euro pro Tonn $CO_2$, déi agespuert gëtt. Domat mengen ech wier och den Ufank gemaach fir d'Energiespueren.

Véierte Punkt, deen ech nach wëll ënnersträichen, ass deen, dass d'Gesetz vum Ëmweltfong an deem Sënn geännert ginn ass, dass d'Gemenge bis zu 40% Hëllefe kënne kréien, wa si an erneierbar Energien investéieren. Ech kann Iech just soen, dass d'Gemenge massiv dovu Gebrauch maachen. D'Sensibiliséierung geet selbstverständlech virun. Ech erënneren drun, dass den Ëmweltministère mat enger ganzer Partie vu Gemengesyndikater Konventioune gemaach huet, fir d'Sensibiliséierung vun de Leit dobaussen ze förderen.

Dat alles geet awer nach ëmmer net duer, fir eis Engagementer am Kader vu Kyoto ze respektéieren. Do gehéiere ganz sécher och nach Moossnamen am Transport dozou. Ech brauch weider net méi op déi Moossnamen anzegoen, mäi Kolleeg, de John Schummer, huet dat schonn de Moie gemaach. Mä och an anere Ministèrë gëtt am Sënn vun der Nohaltegkeet geschafft, an ech wëll nëmmen hei dat neit Gesetz iwwert d'Marchés publics ënnersträichen, wou et dann elo och méiglech ass an de Cahiers des charges, déi gemaach ginn, ekologesch, sozial an och entwécklungspolitesch Kritäre festzehalen. Do kënnen de Stat an d'Gemenge ganz sécher mat engem ganz gudde Beispill virgoen.

Zur Nohaltegkeetspolitik gehéiert selbstverständlech och déi international Solidaritéit, d'Kooperatiounspolitik. An deem Sënn ka Lëtzebuerg sech weise loossen. Et kann een op d'mannst der Regierung ganz sécher net de Reproche maachen, dass mer hei d'Rad zréckgedréint hätten. Au contraire. An der Zwëschenzäit gi mer 0,82% vun eisem Bruttoinlandsprodukt fir d'Kooperatioun aus.

Ee leschte Punkt, deen ech nach wollt hei ernimmen, ass dee vum Naturschutz. D'Regierung huet virun zwee Joer e Gesetz hei déposéiert, wat relativ schnell an der Ëmweltkommissioun konnt behandelt ginn a wat fir de leschte Schlëff nach beim Statsrot läit. Ech erënneren drun, dass mat deem Naturschutzgesetz et ëm e Gesetz geet mat deem zwou europäesch Direktiven ëmgesat ginn. Do ass eng Direktiv dobäi vun 1992, déi sougenannt Habitatsdirektiv, mat där mer eis engagéiert hunn um Lëtzebuerger Territoire eng Partie Prozenter u Gebidder als schützenswäert anzestufen. Ech erënneren drun, dass dat à peu près 13% vum nationalen Territoire sinn, 30.000 Hektar Fläch.

Eng aner Direktiv, déi ass scho méi al, dat ass d'Vulleschutzdirektiv vun 1979. Do feiere mer also geschwë 25 Joer Net-Ëmsetzung vun där Direktiv, an ech hoffen dass mer dat nach virun der Summervakanz kënne maachen. Ech mengen dat Gesetz hei gëtt eis eng ganz Partie Méiglechkeeten an Zukunft aktiv Naturschutzpolitik ze maachen, ouni drun ze erënneren dass mer deemnächst och un d'Gesetz iwwert d'Kormorane wäerte kommen, eng Proposition de loi vum Här Scheuer, wat awer elo net deen allerwichtegste Problem ass, mä e schéngt awer eng gewësse Wichtegkeet ze hunn.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Mir hunn ni gesot, dass d'Regierung nëmme Schlechtes géif maachen.

M. Emile Calmes *(DP)*.- Ech wollt nach e puer Wuert verléieren iwwert d'Offallpolitik. Ech erënnere just drun dass et déi Regierung hei war, déi der laanger Haebichtgeschicht en Enn gesat huet.

Ech erënneren drun, dass am Kader vum Bauschutt, wat jo an eisem Land een enorme Problem ass, d'Regierung amgaang ass e Plan sectoriel auszeschaffen, fir dann och deem Problem op de Wee ze kommen, mä et muss ee soen dass de Problem vun de Bauschuttdeponië keen neie Problem ass. Dee Problem existéiert ongeféier zanter 1990. Ech ka mech erënneren, dass ech als Buergermeeschter mech deemools gemellt hat fir eng Bauschuttdeponie um Territoire vun eiser Gemeng, ënner gewësse Konditiounen natierlech, ze akzeptéieren. Den Accord ass a sech ëmmer do gewiescht, mä dat war schonn 1991, an ech hoffen dass mer an dëser Period zu engem gudden Enn do kënne kommen.

Ech erënneren och drun, dass de Plan sectoriel iwwert d'GSM-Antennë momentan an de Gemengen zirkuléiert fir genehmegt ze ginn.

Elo kann een awer net soen, dass déi Regierung hei a Saachen Ëmweltpolitik inaktiv wär. Et wier op jidde Fall falsch fir dat ze behaapten. Dat, wat ech elo hei gesot hunn, beweist dat.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel. Madame Beissel, Dir hutt d'Wuert.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'wirtschaftlech Zukunftchancë vu Lëtzebuerg hänken ouni Zweifel of vun onsen Diversifikatiouns- an Innovatiounscapacitéiten. D'Diversification économique, hu mer öfters gehéiert, och an der Ried vun eisem Statsminister, ass net nëmmen e Schlagwuert. Et gëtt ëmmer méi gebraucht, well et absolut néideg ass fir ze verhënneren, dass mer nees eng Kéier an en neie Monolithismus vun eiser Wirtschaft geroden. Mir all kennen d'Risike vun esou enger Ekonomie, déi nëmmen op engem Haaptpilier berout, sief dat d'Stolindustrie oder d'Finanzplaz, wa konjunkturell Flaute sech breet maachen. Da komme mer nämlech an d'Situatioun, dass wann deen ee Secteur de Schnapp kritt, déi ganz national Wirtschaft riskéiert elle krank ze ginn.

Eleng et ze probéieren an et fäerdeg ze bréngen, nei Entreprisen an Industrien aus anere Secteuren op Lëtzebuerg ze kréien, ass zwar optimal, mä et geet net méi duer, och wann dës méi traditionell Strategie natierlech muss virun applizéiert ginn. Hautdësdaags muss een, méi wéi jee, schonn ee Schratt viraus sinn an zukunftsorientéiert an innovativ denken.

Innovatioun ass gefrot an ass deemno de Schlëssel fir d'Zukunft. Innovéieren heescht eppes Neies bréngen an esou d'Land viru bréngen. Här President, Innovatioun schreift sech an an de Kader vun engem Développement endogène, dat heescht, dat Ganzt wiisst op eiser eegener Mëscht, wat ouni Zweifel vu Virdeel ass.

Innovatioun entsteet aus enger Sich no Neiland. Deemno kënnt der Recherche eng grouss Wichtegkeet zou. Fuerschung ass, dat wësse mer alleguerten, en Travail de longue haleine a gëtt leider dobaussen oft als onproduktiven Zäitverdreif verstanen. Or, ouni Recherche, ouni déi Sich no Neiem gëtt et schwéier, fir net ze soen onméiglech, fir innovativ ze ginn. Fir dass dës Fuerschungsaarbecht awer effikass ka gefouert ginn, muss d'Ëmfeld a mussen d'Konditioune stëmmen. D'Politik muss ganz kloer dozou bäidroen, andeem si d'Recherche als en Investissement an d'Zukunft gesäit. Nei ekonomesch Aktivitéite kënnen entstoen, nei Créneauë mat supplementare Retombées économiques.

Dir erënnert Iech, säit dräi Joer fuerderen ech op dëser Tribün d'Reform vun der SNCI. Mir krute se elo versprach. Säit dräi Joer fuerderen ech d'Reform vun der Loi-cadre vum Mëttelstand. Ech hu mat Freed festgestallt, dass elo e Projet deponéiert gëtt. Dee Projet geet ouni Zweifel an déi richteg Richtung, well en total zukunftsträchteg ass.

Dat ass och de Credo vum Wirtschaftsministère, dee weider am Joer 2002 Aktivitéiten an den Domäner Recherche, Développement an Innovation vu Lëtzebuerger Entreprisen ënnerstëtzt an encouragéiert huet. Compétitivitéit a Produktivitéit sinn ëmmer méi tributär vun neiem Wëssen. An där Optik huet de Wirtschaftsministère d'lescht Joer net manner wéi 15 Projete begleet mat insgesamt enger Dépense vu 75 Milliounen Euro am Kader vum Régime d'encouragement vun der Recherche-développement. Ënnert deene Projete waren der véier am Beräich nei Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien an een am Beräich Biotechnologie.

Zousätzlech zu dëser Stimulatioun duerch budgetär Mëttele konnte während dem Exercice 2002 sechs Projeten am Kader vun der SNCI duerch sougenannte Prêts a l'innovation (3,83 Milliarden Euro) ënnerstëtzt ginn. Net vergiessen dierf een de Pilotprogramm „Cluster", grappes d'entreprises, deen 2001 vum Henri Grethen lancéiert ginn ass, an do dra besteet Entreprisen ze regruppéieren, fir notamment Synergien um Niveau vun der Recherche ze schafen. Och um Niveau vun de CRPen, Centres de recherche publics, gi weiderhi vill Efforten a puncto Fuerschung gemaach. Sou gëtt am CAP Santé Immun- a Virefuerschung bedriwwen, grad wéi am Domän vun der Molekularbiologie.

Am CRP Henri Tudor gëtt sech ëm d'Beräicher Informatik a Multimedia bekëmmert. Am CRP Gabriel Lippmann gëtt niewent Informatiouns- a Biotechnologie Ëmwelt, Wirtschaft an nei Materialien erfuerscht.

Här President, säit 1999 gëtt et de Fonds national de recherches, deen als Objektiv huet pluriannuell Programmer am Beräich vun der öffentlecher Fuerschung ze élaboréieren an ze géréieren. Esou solle bis 2007 fënnef Programmer am Domän vun der Sécherheet vum Commerce électronique, SE-COM, vun den Nanotechnologien, NANO genannt, vun der nohalteger Gestioun vun de Waasserressourcen, EAU, vun der Gesondheet an de Biotechnologien, BIOSAN, esou wéi am Beräich vun de sozialen, ekonomeschen a mënschlechen Défië vun eisem Land, genannt VIVRE, ënnerstëtzt ginn. Weider Programmer sinn a Préparatioun. Dës Projete stellen eng Enveloppe budgétaire vu 27,8 Milliounen Euro duer.

Luxinnovation, d'Agence nationale pour la promotion de l'innovation et de la recherche ass a bleift e privilégiéierte Partner am Fuerschungsberäich. Dëse Partenariat tëschent dem Wirtschaftsministère, dem Kulturministère, der FEDIL, der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers huet net nëmmen d'Missioun innovativ Démarchen ze promovéieren, mä och déi verschidden Entreprisen ze begleeden an ze beroden. De Groupement d'intéret économique Luxinnovation entwéckelt sech deemno aus enger purer Agence d'information zu engem regelrechte Conseiller en innovation. Eleng 2002 hunn net manner wéi 158 Entreprisen am Kader vun de Mesures d'encouragement de la R&D mat Luxinnovation Kontakt opgeholl an dëse Groupement ass och zoustänneg fir d'Ëmsetze vum Pilotprojet „Cluster".

Här President, ech mengen dat mannst wat ee ka soen, dat ass dass d'Recherche hei zu Lëtzebuerg seriö geholl gëtt an dass d'Fuerschung sech net selwer iwwerlooss gëtt. Och an Zukunft soll a muss d'Recherche e grousse Stellewäert behalen am Sënn vun enger innovativer an effikasser wirtschaftlecher Entwécklung. Dës Regierung huet kloer gesot, dass si wëllt dës Efforte maachen a weiderhin an d'Fuerschung investéieren, well et ass jo en Investissement an d'Zukunft vun eisem Land.

Ech denken do un déi geplangte Cité des sciences de la recherche et d'innovation op den Industriebroochen zu Esch/Belval. Dëse Projet wäert bestëmmt dozou bäidroen e weideren Impuls an dem Domän vun der Recherche ze bréngen, grad wéi allgemeng déi zukünfteg Uni Lëtzebuerg, wou jo och d'Fuerschung soll eng wichteg Roll spillen.

Et muss een ënnersträichen, dass de Wëlle vu Firmen, déi an de Secteurs de pointe täteg sinn, sech an enger bestëmmter Regioun nidder ze loossen, öfters ofhänkt ob do Jo oder Neen universitär Strukture bestinn. Si wëssen, dass d'universitär Recherche déi vun den CRPe complétéiert, déi jo virrangeg den Technologietransfert soll favoriséieren. D'Recherche soll awer net als de l'art pour l'art verstane ginn, mä wierklech de Besoine vun eiser Ekonomie entspriechen. Dofir soll och am Kader vun der Uni Lëtzebuerg d'Fuerschung op e puer Beräicher limitéiert ginn, mat dem Objektiv d'Schafe vun de sougenannte „pôles d'excellence", dat awer mat ëmmer am Hannerkapp d'Iddi vun der Diversification économique, also eng geziilte voluntaristesch Politik, foussend op e judicieuxë Choix vu Prioritéiten.

Här President, et stellt sech och d'Fro vun der Koordinatioun tëschent de verschiddenen CRPen an der Uni Lëtzebuerg um Niveau vun der Recherche. Hei wär sécherlech eng enk Zesummenaarbecht wënschenswäert, wann net esouguer en Abezéie vun de Fuerschungsaktivitéiten an déi zukünfteg Uni. Fir eng eenheetlech Strategie a puncto Recherche ze garantéieren, misst och de Fonds national de recherche mat abezu ginn.

E luesen, mä sécheren Amalgam vun der Recherche fondamentale an der Recherche appliquée mat der vitaler Kooperatioun tëschent der Uni an de Wirtschaftssecteuren ass ee vun de méigleche „pôles d'attraction" vun der geplangter Uni Lëtzebuerg. Dës misst erlaben héichrangeg Wëssenschaftler op Lëtzebuerg ze kréien an esou gëtt eis Uni e wichtege Facteur vun der Lëtzebuerger Standortpolitik.

D'Fuerschung bedeit net onbedéngt Autarcie, au contraire solle Synergië mam Ausland gesicht ginn. Et ass an dësem Kontext begréissenswäert, dass virgëschter d'Commission régionale vun der Groussregioun eng interessant Broschür verdeelt huet mam Titel „Studieren, Forschen, Lehren in Saar-Lor-Lux, Trier, Westpfalz und Wallonien", also mam Zil des têtes bien pleines, mä haaptsächlech bien faites ze forméieren, fir de Wëssensstand an der Groussregioun op en Top Niveau ze kréien.

Här President, d'Zukunft bréngt awer och nei Défië mat sech. Der Fuerschung maache sech nei Perspektiven op, notamment am Räich vun de Biotechnologien. Mir hu gesot, dass d'Fuerschung am Prinzip ekonomesche Kritären ënnerleie soll. Et ass awer kloer, dass ethesch Iwwerleeungen net däerfen an den Hannergrond geroden an dass allgemeng de Principe de précaution muss gëllen. Hei ass d'Fuerschung och gefuerdert, andeem se sech intensiv mat de Risiken auserneesetzt. D'Gestion des risques, d'Définitioun vum Risque acceptable, fir deen ze cernéieren an da richteg ze reagéieren, gëtt eng vun de groussen Erausfuerderunge vum 21. Jorhonnert.

„Dans l'histoire des collectivités…", seet den Auteur Jean Delumeau a sengem Wierk « Les malheurs des temps », „…les peurs se modifient, mais la peur demeure".

De revolutionären Essor vun de Biotechnologien, vum Clônage a vun der Invasioun vun den OGMen produzéiert nei Onrou an Ängschten. Säit dem Clônage vun dem Scheefchen Dolly am Februar 1997 ass eng nei Ära agelaut gi mam Décryptage vun den dräi Milliarde „paires de base", déi laanscht déi 23 duebel Chromosomen uneneegekett sinn, déi onse Partrimoine

héréditaire ausmaachen. Esou soll et méiglech gi verierflech Krankheeten ze traitéieren an esouguer definitiv ze heelen.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wouhinner féiert dat? Huet de Mënsch d'Konsequenzen am Grëff? E kritesche Beobachter, den Ignacio Ramonet vum „Le Monde" seet Folgendes: „La génétique, permettant désormais à l'homme d'affirmer comme jamais sa volonté de domestication des règnes végétal et animal avec brevetabilité des gènes, revient à privatiser un patrimoine commun de l'humanité. Et vendre l'information à l'industrie pharmaceutique - qui la réserverait à quelles priviligiés - risque de transformer cette avancée scientifique majeure en de nouvelles sources de discrimination."

Also Fuerschung Jo, mä Fuerschung foussend esouwuel op Progès a wirtschaftlechem Opschwonk wéi op Ethik, Verantwortung an eng breet gefächert, permanent Uwendung vum Principe de précaution.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Madame Beissel. Den nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn an de leschte Joren, wa mer iwwert d'Lag vun der Natioun geschwat hunn, haaptsächlech driwwer diskutéiert wéi mer dee gudde Wirtschaftskuch, deen erwirtschaft ginn ass, sollten a kënnte verdeelen.

Haut schwätze mer vu schwaarzem Brout, fir d'Wierder vum Här Statsminister ze iwwerhuelen. Wann een e Betrib huet, deen op eng Kéier muss schwaarzt Brout iessen, dee riskéiert an d'rout Zuelen ze kommen, da muss dee kucken, éischtens dass déi Reserven, déi gespuerte Gelder, déi en am Betrib huet an déi en investéiert huet, nach genuch Akommes bréngen, fir him iwwert déi schwiereg Zäiten ze hëllefen. Hie muss kucke fir sech der Decken no ze strecken an d'Ausgaben ze reduzéieren an dem Akommes unzepassen a méi effikass ze schaffen, fir d'Clienten zefridden ze stellen.

De Stat als Betrib huet och en etlech vu senge Suen a Reserven ugeluecht. Ech wëll nëmmen drun erënneren, dass mer do awer musse feststellen, dass 630 Milliounen Euro an néng Tranchë vu jee 70 Milliounen Euro an EMTN, Euro Medien Turn Notes, investéiert gi sinn. Dat sinn Obligatiounen, déi keng fest Zënsen abréngen, mä un d'Resultater vun der Bourse, vun den Aktiemäert gegliddert sinn. Wann déi Suen op d'Spuerbuch gesat gi wieren, dann hätte se am éischte Joer 3,38% abruecht. Et muss een awer feststellen, dass déi spekulativ Investitiounen, déi d'Regierung gemaach huet, nëmmen 2,3% am leschte Joer abruecht hunn. Manque à gagner: 13,9 Milliounen Euro.

Am zweete Joer, wann déi Suen op d'Spuerbuch gesat gi wieren, hätte mer 3,05% Revenu gehat vun deene Suen. Doduerch dass den Trésorminister déi an EMTN ugeluecht huet, nëmme méi 2,2%. Nach eng Kéier eng Perte vun 13,9 Milliounen Euro. An zwee Joer maachen dat ronn 28 Milliounen Euro aus oder 1,1 Milliard aler Frangen.

An dofir wëll ech festhalen dass ech frou sinn, dass AOL an AMAZON wäerten an onst d'Land kommen, mä ech huelen awer net un dass se déi Pertes de revenu, dee Manque à gagner, dee mer hei ze verzeechnen hunn duerch eng falsch Ulagepolitik, wäerte wettmaachen. An egal wéi, d'Suen, déi hei schlecht ugeluecht gi sinn, feelen. Wat d'Clienten, dat heescht d'Bierger hei am Land ugeet, do muss ee soen, dass si onzefridde sinn iwwert de Stat: ëmmer méi Bürokratie, ëmmer länger Délaien. D'TVA vun 3% beim Remboursement vun Investitiounen am Haus, dat dauert 2? Joer. Déi nei Prozedur huet net vill verbessert, sauf datt elo d'Betriber op dat Ganzt waarde mussen. Ech hunn och an deem Sënn eng Question parlementaire gestallt, fir dass mer déi genee Délaien nach eng Kéier sollte bekannt ginn.

Fir en Extrait vum Registre de commerce et des sociétés ze kréien, dat dauert sechs Wochen. Fir e PAP, e Plan d'aménagement particulier, duerchzekréien, dat dauert zwee Joer. Fir d'Prime du logement ze kréien, dat dauert bei verschiddene bis zu sechs Méint bis se ausbezuelt ginn. Enorm Paperassen, wann een eng Persoun wëllt ustellen oder e Betrib wëllt grënnen. Ëmmer méi Pabeierkrich anstatt en eGovernment.

Am Avis vum Wirtschafts- a Sozialrot gëtt ganz kloer ervirgestrach, dass a Lëtzebuerg, wat déi modern Gesellschaft ugeet, den eGovernment u leschter Stell an Europa läit. D'Handwierkerkammer selwer schreift: „Une politique ciblée de simplifications administratives dynamiques ne figure pas, et ça en dépit de multiples déclarations des responsables politiques en ce sens, parmi les priorités du gouvernement."

Et muss ee bedaueren, notamment an enger Zäit wou mer ëmmer méi Chômage kréien, dass d'Entreprisen nach haut dorobber waarden, dass kleng administrativ Deeler vum PAN-Gesetz ëmgesat ginn, déi wichteg sinn, wann ee Leit astelle wëllt, fir dass et rapid geet, wéi zum Beispill e Formulaire unique fir de Centre commun, d'Steieren an d'Adem an och d'Désignatioun vun engem Interlocuteur unique, wann ee Problemer mat den Administratiounen op deem Gebitt huet.

D'Ursaach ass kloer, dat ass well ons Verwaltung nach schaffe muss no Regelen a Methode wéi zu Zäite vun der Postkutsch, an déi Verwaltungen, déi sech reforméiere wëllen, ginn net ugehéiert. Déi responsabel Leit an der Verwaltung fannen nëmmen zouen Diere bei hire Ministeren. Dat sinn déi Reklamatiounen, déi mer vu ville Säiten héieren hunn.

Déi ablécklech wirtschaftlech Lag, d'Globaliséierung an den europäesche Bannemaart stellen Erausfuerderungen un ons Verwaltung, deene se net gewuess ass. Déi lëtzebuergesch Verwaltung ass archaesch. An hire jëtzege Struktur ka se nëmme méi effikass schaffen, wa se sech permanent vergréissert, wa se ëmmer méi déck statt méi schlank gëtt.

Mir mussen op en anere Wee goen. Mir mussen ons Verwaltung reforméieren, fir dass se dëst Land besser verwalt an dass se manner kascht. Wa mer net reforméieren, da gi mer en ëmmer méi groussen Undeel vum Wirtschaftskuch oder elo vum schwaarze Brout sënnlos ewech fir administrative Krimskrams. Déi Sue feelen dann am Budget vum Stat, mä och an de Betriber, mam Resultat: manner Sue fir Investitiounen, nei Taxen, a Fro stelle vu sozialen Erungenschaften, Reduktioun vun der Compétitivitéit vun eise Betriber, wat zu méi Chômage féiert an d'Steierakommes vun dem Stat reduzéiert.

Verschidde Verwaltungstechnike vum private Secteur mussen an onse Statsapparat iwwerholl ginn. Et muss no Resultater gesicht ginn. Dës Resultater muss een an der Zäit matenee vergläichen a kucke wat ee besser muss maachen. D'Ausland, all modern Staten hu sech an Europa op deem Gebitt reforméiert, Lëtzebuerg huet näischt gemaach. Wat an deem Kontext och wichteg ass, dat ass dass d'Verwaltungen an d'Servicer autonom Budgete kréie mussen, anstatt dass mer elo globaliséiert Budgeten hunn, wou kee genau weess wat all Service an all Administratioun kascht a wou d'Verwaltungen och selwer Schwieregkeeten hu fir sech an deem Ganzen erëm ze fannen an domadder och méi Responsabilitéiten huelen ze kënnen.

Mä wann ee schwätzt vu Responsabilitéiten huelen, da muss een och déi néideg Reforme maache fir de Verwaltungen d'Méiglechkeeten ze gi fir déi Reformen duerchzeéien. Esou ass et wichteg, dass notamment d'Chefs de service Méiglechkeete kréie fir hire Budget autonom ze verwalten an et gesäit een dass do, wou et esou Experimenter gi sinn, wéi an de Schoulen, dat zu ganz positive Resultater gefouert huet. Et gesäit een, dass am Ausland, wou op esou Methoden zréckgegraff ginn ass, och positiv Resultater komm sinn, an dofir musse mer kucken dass mer op deem Gebitt och eppes maachen.

Vill Servicer hunn och nëmmen eng Daseinsberechtegung, well se e Subsid verwalten. Dofir muss ee sech d'Fro stellen, ob et net ubruecht wier fir verschidde Subsiden ze konzentréieren. Dofir bedaueren ech, dass dës Regierung keen Audit vun de Verwaltunge gemaach huet fir ze kucke fir optimal ze schaffen.

Wat wichteg ass, dat ass dass mer hei also eng komplett Reform vum Stat a Kaf huele fir nees erëm méi Suen zur Dispositioun ze hunn, fir an d'Wirtschaft an an d'Infrastrukturen ze investéieren a fir sozial Errungenschaften ofzesécheren. Mir haten e Ministère vun der Réforme administrative, mä leider muss ee feststellen, dass mer mat Ausnahm vun enger Plaque um Ministère dovunner an dëser ganzer Legislaturperiod bis elo näischt ze gesi kruten.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den nächsten Orateur ass den Här Mosar.

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Debatten zur Deklaratioun zur Lag vun der Natioun gi mir d'Geleeënheet mech méi eingehend mat Froe vu Sécherheet a Justiz ze befaassen, dëst ganz besonnesch, well d'Polizei an och d'Justiz an de leschte Wochen a Méint oft ënner Beschoss stoungen. Ech begréissen dofir och, dass de Statsminister sech a senger Ried mat Froe vun der öffentlecher Sécherheet, awer och der Justiz befaasst huet an och dozou eng Rei vun Aussoe gemaach huet.

Wat d'öffentlech Sécherheet ubetrëfft, esou wier et falsch dovunner auszegoen, Lëtzebuerg géif vun engem allgemengen Onsécherheetsgefill heemgesicht. Esou Gefiller si jo ëmmer, wa se sech op enger gréisserer Echelle weisen, diffus. Si ginn inspiréiert vun der Impressioun, dass ee kéint Geforen ausgesat ginn, ouni dass een esou Geforen an deene meeschte konkrete Fäll erlieft hätt. Den Ëmgang mat dem Onsécherheetsgefill ass an der Praxis net einfach, mä wéi gesot e grondsätzlecht Onsécherheetsgefill ass zu Lëtzebuerg net auszemaachen an dat ass gutt esou. Dozou huet virun allem d'Politik vun der Regierung signifikant bäigedroen.

D'Effektiver vun der Police goufe verstäerkt an hir Presenz am Land ass an deene vergaangene Jore vill méi siichtbar ginn. Nieft dëser Presenz, déi vun all Mënsch unerkannt gëtt, hu spezifesch Aktiounen an de leschte Wochen dozou gefouert, dass d'Polizei an de leschte Wochen an enger gewëssener öffentlecher Meenung ënner Kritik geroden ass.

Meng Fraktioun an ech kënnen och déi deelweis hefteg Kriticken absolut net novollzéien, ganz besonnesch da wa vu verschiddene Säite behaapt gëtt, d'Aggressivitéit vun Demonstrante bei den Arcelor-Manifestatioune wier vun der Police provozéiert ginn. Wann ee weess, dass hei professionell Casseurë sech an esou Demonstratioune versichen ze integréiere fir do méiglechst vill kuerz a kleng ze schloen, dann ass dat dach e Virgang, deen all Bierger an eisem Land beonrouege misst, well dës Brutalitéit an Aggressioun a sech jo iwwerhaapt näischt mat deene berechtegte Fuerderunge vu Gewerkschaften, déi dësen duerch esou Demonstratioune wëllen Ausdrock ginn, ze dinn hunn.

Datselwecht gëllt fir d'Perquisitiounen am islamistesche Milieu, wou op Unuerdnung vum Parquet gewëssen Hausduerchsuchunge virgeholl gi sinn an och verschidde Personnagen, déi terroristeschen Netzwierker no stinn, iwwert d'Grenz gesat gi sinn. Et huet strictement näischt mat Polizeistat ze dinn, wéi dat Ënnerstellunge vu lénker Säit wëlle gleewen doen, wann Uerdnungskräften am extremistesche Milieu opraume wëllen. Hei gëtt géint Leit virgaangen, déi kee verstännege Mënsch kann an eisem Land hu wëllen. A wie mengt et wier iwwerdriwwe ginn, dee soll sech dréngend d'Fro stellen, ob hie wierklech wëllt mam Risiko liewen, dass e Grapp voll Extremisten, reliéiser oder anerer Bauaart, eis Gesellschaftsuerdnung versicht ze ënnerminéieren.

Mir hunn de Moment dës potenziell Bedrounge fir eis Uerdnung ënner Kontroll, mä dat geet nëmmen zum Präis vu geleeëntlech décidéierten Interventiounen. Dës Interventioune gi vun eisen Uerdnungskräften ënner deelweis schwierege Bedingungen an ënnert dem Risiko vun hirer Gesondheet exécutéiert an et schéngt mer dann net ofwegeg, wann hei net ëmmer ka mat Glacéshändsche virgaange ginn. Dës Leit si keng Massendénger a si waarden net drop friddlech mat Polizeibeamten ze poteren, nodeems déi hire Passage ugekënnegt hunn. A wa bei esou enger Demonstratioun emol e Feeler ënnerleeft, dann ass dat bedauerlech, mä leider ni ganz auszeschléissen.

Wat zielt ass, dass mer eis wierksam géint déi Kräfte schützen, déi eis Liewensaart, eis Institutiounen an eis Staatlechkeet a Fro stellen, a mir wäerten net am Numm vun enger falsch verstanener Toleranz akzeptéieren, dass sech destruktiv a gewalttäteg Elementer bei eis am Land annisten. Meng Fraktioun an ech selwer stinn integral hannert der Police, well mer wëssen ënner wat fir enge schwierege Bedingunge si hir Aarbecht musse verriichten, an ech wëll hinne vun dëser Plaz aus nach eng Kéier eist Vertrauen ausspriechen an eis Unerkennung fir hiren Asaz ausdrécken.

Här President, ech wëll dann zum Volet Justiz iwwergoen andeem ech fir d'alleréischt déi Efforte wëll ervirhiewen, déi vum zoustännege Justizminister an enger ganzer Rei vu Beräicher ënnerholl gi sinn. Et géif ze wäit féieren all eenzelt Gesetz opzezielen, wat mer am Laf vum leschte Joer an dësem Beräich diskutéiert a gestëmmt hunn, an ech wëll och net déi Oplëschtung widderhuelen, déi de Statsminister a senger Erklärung scho gemaach huet.

Ech géif nach eng Kéier wëllen ënnersträichen, dass all dës gesetzlech Initiativen eng Rei vu wesentleche Verbesserungen an engem ganzen Deel vun eisem Justizwiese mat sech bréngen. Dëst gesot, erlaabt mer awer, Här President, mech mat der Problematik vun den Délaien am Strofberäich ze beschäftegen.

D'Zäit ass leider Gottes haut ze kuerz bemooss fir am Detail op all déi Ursaache vun deene Retarden anzegoen. Duerfir erlaabt mer hei nëmmen e puer Feststellungen ze maachen, respektiv ze versiche Léisungsvirschléi virzezeechnen. Wa mer nëmmen d'Zuel vun den Affäre kucken, déi während dem Justizjoer 2001/2002 vum Parquet um Tribunal d'arrondissement aus der Stad traitéiert gi sinn, stelle mer fest, dass dëst 35.510 Affäre waren am Vergläich mam Justizjoer 1981/1982, wou et der 12.072 waren, also eng Verdräifachung innerhalb vun 20 Joer.

Wann et och richteg ass, dass all dës Affären net alleguerte vun därselwechter Komplexitéit sinn, esou muss een dach feststellen, dass eleng d'administrativ Gestioun vun esou enger grousser Zuel vun Affäre reell Problemer opwerft. Wann ee weess, dass besonnesch déi Affäre vu Wirtschaftskriminalitéit ëmmer méi voluminös a méi komplex ginn, ass et eigentlech net iwwerraschend, dass ëmmer méi Affären net an engem raisonnablen Délai kënnen traitéiert ginn.

Wou de Schong awer besonnesch dréckt ass um Niveau vun der Organisatioun vun der Police judiciaire, wou et un deenen néidege Leit feelt, an dofir begréisse mir och d'Ausso vum Statsminister, deen d'Astelle vun 20 zousätzlechen Unitéiten hei annoncéiert huet. Hei bleift de Wonsch, dass all dës Efforten d'Situatioun wäerte verbesseren, well sech aus dëser aktueller onzefriddestellender Situatioun d'Fro vun der Gläichbehandlung vun all Bierger duerch d'Justiz stellt.

Esou schéngt et mer schwéierlech akzeptabel ze sinn, dass an Affären, wou a sech d'öffentlech Uerdnung net fundamental gestéiert ass, ech denken hei un eenzel Verstéiss géint de Code de la route, hei mat Recht systematesch poursuivéiert gëtt an an enger relativ kuerzer Frist Uerteeler erginn, während op där anerer Säit an Affäre vu grousser Wirtschafts- a Finanzkriminalitéit awer och a Korruptiounsdossieren oft iwwer Joren enquêtéiert, instruiéiert gëtt, fir dass dann den Dossier an engem déiwen Tirang verschwënnt fir duerno net méi opzedauchen. Dës Situatioun dréit sécherlech net zum gudde Verständnis vun all Bierger, respektiv zu enger méi grousser Akzeptanz vun eiser Justiz an der öffentlecher Meenung bäi.

Här President, ech wëll hei kuerz dräi Weeër opzeechnen, déi vläicht en Ufank vu Léisung kënnten duerstellen, ech sinn nämlech net der Meenung, dass eleng mat der Opstockung vu Personal, souwuel um Niveau vun der Police judiciaire wéi bei eise Geriichtsbarkeeten all dës Retarden ze absorbéiere wären. Dës dräi Weeër schénge mer folgend ze sinn.

Éischtens soll een iwwerleeën, ob een net kéint d'Untersuchungsriichter vun enger Rei vun Dossieren déchargéieren, déi manner komplizéiert sinn an och net onbedéngt eng déiwer Instruktioun verlaangen. Zweetens d'Instrument vun der Transaktioun am Strofberäich an deenen Affären afféieren, wou d'öffentlech Uerdnung net schrecklech perturbéiert ass. Drëttens driwwer nodenken, ob een net esou ähnlech wéi a Frankräich kéint versichen a gewëssen Affären, wou keng Contestatioun iwwert d'Realitéit vun de Fakte méiglech ass, d'Täter vun esou Infraktioune wesentlech méi schnell viru Geriicht ze bréngen, wat sécherlech och eng méi grouss educativ Wierkung op dës Täter hätt.

Här President, ech wëll dann zu engem aneren Aspekt iwwergoen, nämlech deem vum Statut vum Affer vun engem Verbriechen. Sécherlech ass de Statut vum Affer ee vun deenen Domänen, wou mer dee gréissten Nohuelbedarf hunn. Ech begréissen dofir och, dass de Statsminister dee vum Justizminister annoncéierte Projet de loi leschten Dënschden déposéiert huet. Erlaabt mer awer vläicht ganz kuerz déi fir mech wesentlech Punkte vun esou engem Statut ervirzehiewen, déi sech och gréisstendeels an deem Projet de loi erëmfannen.

Wesentlech ass, dass d'Affer vu Verbrieche musse vun Ufank u kënnen an de Prozess intervenéieren, ouni dass se gezwonge gi sech Partie civile ze constituéieren, wéi dat bis elo de Fall ass. Wann ee weess, dass Affekoten-, Geriichts- a besonnesch Expärskäschten an esou Prozesser sech schnell op e puer 100.000 al Lëtzebuerger Frange belafen, esou ass et net zoumuttbar, dass eng Persoun, déi onschëlleg d'Affer vun engem Verbrieche ginn ass, och nach muss heifir opkommen. Och op dësem Punkt gesäit de virdrun zitéierte Projet de loi d'Méiglechkeet vir, dass dës Onkäschten net musse vum Affer gedroe ginn.

En anere wesentleche Punkt ass dee wéi d'Affer, respektiv seng Famill, no engem Verbriechen psychologesch assistéiert ginn. Hei ass virun allem d'Gespréich wichteg, an dofir wëll ech och hei ausdrécklech déi Efforte begréissen, déi vun de Parqueten, souwuel vun Dikrech wéi aus der Stad, gemaach ginn, wou de Procureur oder den zoustännege Substitut sech Zäit hëlt fir mat den Affer an hire Famillje sech iwwert d'Verbriechen an hiren Hannergronn ze ënnerhalen. Et ass nämlech net ëmmer evident fir de Bierger, deen Affer vun engem Verbrieche ginn ass, nozevollzéie firwat eng Instruktioun vun enger Affär iwwer Jore schleeft an heiansdo et och zu Uerteeler kënnt, déi hien net ëmmer novollzéie kann.

Här President, erlaabt mer nach eng Kéier ze ënnersträichen, dass eng Gesellschaft am Allgemengen an hir Justiz am Besonneschen och dorobber bewäert gi wéi si mat den Affer vu Verbriechen ëmgeet, an do dierf et net esou sinn dass dës Affer oft d'Gefill hunn, dass d'Täter besser behandelt gi wéi si an dass d'Gesellschaft sech prioritär ëm d'Resozialisatioun vun den Täter bekëmmert an d'Affer vun dësen Täter séier oft schnell vergësst. D'Vertraue vun de Bierger an hir Justiz hänkt vläicht virun allem dovunner of wéi d'Justiz mat den Affer vu Verbriechen ëmgeet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen domadder zu mengem leschte Punkt, dee sech mat der Integratioun vun net EU-Bierger befaasst. Hei sinn u sech zwee Gesetzer dovu betraff, fir d'éischt d'Asylgesetzgebung, dann d'Awanderungsgesetz vun 1972.

Wat den éischten Text betrëfft, esou sinn ech der Meenung, dass keng Noutwendegkeet besteet op dat bestehend Asylgesetz zréckzekommen. Um Niveau vun der Asylpolitik schéngt et mer awer absolut wesentlech ze sinn, dass mer hei zu enger communautairer Politik kommen. Nom Conseil vun Tampere si jo éischt wichteg Weichestellungen décidéiert ginn, an et wier begréissenswäert, wann an deenen nächste Méint och hei Neel mat Käpp géife gemaach ginn, esou dass mer op dësem absolut wesentleche Punkt fir d'Europäesch Unioun eng gemeinsam Asylpolitik géife kréien.

Wat d'Asylpolitik vun der Regierung ubetrëfft, esou gesäit meng Fraktioun keng zwéngend Noutwendegkeet heirunner iergendeppes ze änneren an ass och net der Meenung, dass een op déi Fuerderunge soll agoen, déi vu gewëssen Associatiounen an de leschten Deeg virbruecht gi sinn. Ech géif duerfir och am Numm vu menger Fraktioun eis Ënnerstëtzung dem Justizminister zousoe fir op deem Wee, deen hien hei ageschloen huet, weiderzefueren.

Ech sinn allerdéngs och der Meenung, dass d'72er Gesetz iwwert den Openthalt vun Auslänner op eisem Territoire absolut reformbedürfteg ass, well dës Gesetzgebung einfach net méi den aktuelle Gegebenheeten entsprécht. Hei schéngt et mer och onerlässlech ze sinn, dass een dee komplizéierten an deelweis onverständleche Lien zwëschent enger Openthaltsgenehmegung an engem Permis de travail ophieft an an Zukunft just nach eng Autorisatioun ausstellt, déi da souwuel d'Recht op Openthalt wéi d'Recht op Aarbecht beinhalt. Den aktuelle System ass nämlech net nëmmen aarbechtsopwändeg fir déi concernéiert Ministèren, mä mécht och deene betraffene Bierger d'Liewen onnéideg schwéier.

Här President, zum Schluss vu mengen Ausféierungen erlaabt mer nach e puer Sätz iwwert déi sougenannte Lex Greenpeace ze verléieren. Den Zousaz zum Code pénal mat deem déi däitsch Notioun vum Hausfriddensbroch soll an d'Lëtzebuerger Strofrecht iwwerholl ginn ass aus ville Grënn vun enger Rei vu Leit an Associatioune contestéiert. Ech mengen zwar, dass mer et hei virun allem mat Mëssverständnisser ze dinn hunn a mat falschen Aschätzunge vun de méigleche konkreten Applicatioune vun esou enger neier Dispositioun zum Schutz vun der privater Propriétéit.

Mä well an enger Rei vu Kreeser, besonnesch aus der Zivilgesellschaft, substanziell Bedenke géint dee Projet bestinn, Bedenken, déi duerch deelweis juristesch Avisen ënnermauert ginn, mengen ech och, dass et elo falsch wier dëse Projet einfach esou an onverännert duerch déi legislativ Prozedur ze boxen. Esou mengen ech zum Beispill, dass et falsch wier Prisongsstrofe fir Infraktiounen am Hausfriddensbroch virzegesinn. Mir wëllen, datt zwee Grondrechter, dat op private Besëtz an dat op fräi Meenungsäusserung, och mat Demonstratiounen, en neien Hutt kréien. Mir wëlle se an enger logescher an novollzéibarer Manéier matenee verbannen, amplaz dass se géinteneen ausgespillt kënne ginn. Dëst Uleies u sech ass am Fong net contestéiert. Et ass d'Aart a Weis wéi mer dat wëlle maachen, déi a Fro gestallt gëtt.

Dowéinst sinn ech der Meenung, dass mer eis sollen zesumme beméie fir eng annehmbar Léisung fir dëse Problem ze fannen. Et bréngt näischt an enger Atmosphär, déi méi a méi gëfteg gëtt, e Gesetzesprojet ze stëmmen, deen duerno Ulooss zu allméiglechen Amalgamen an Ënnerstellunge gëtt. D'Majoritéit, déi zwou Parteien, déi se duerstellen, hir Regierungsmemberen an hir Deputéierte wëllen déi Repressiounsstatsdiskussioun, déi lass getrëppelt gouf, net weiderféieren, well et eng falsch Diskussioun ass.

***(Interruption)***

Deen eenzege Wee fir dëser onséileger Debatt en Enn ze setzen ass dee vun enger Reorientéierung vun der Regierungsvirlag, déi och an der Kommunikatioun no bausse muss eng objektiv an akzeptabel Duerstellung fannen. Wéi gesot, ech halen net den Usaz vum aktuellen Text fir falsch, mä ech halen déi Reaktiounen, déi en ausléist, fir geféierlech an onnéideg, …

***(Hilarité)***

…well se iwwert dat wierklecht…

***(Interruptions)***

…viséiert Zil erausschéissen. Duerfir hätt ech gären, Här Di Bartolomeo, wa mer d'Diskussioun iwwert de Schutz vu privaten Immobilien, ëm déi et jo geet, géifen a méi roueg Gewässer féieren. Mir schränken hei weder d'Streikrecht nach d'Manifestatiounsrecht eigentlech an. Genee dës Ausso muss um Wee vun enger iwwerschafftener Textvirlag och eriwwerkommen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo. Här Mars Di Bartolomeo, elo hutt Der d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Merci villmools, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Statsminister am Numm vun der LSAP en häerzleche Merci soen, well en duerch seng Spontisaktioun mam Dépôt vun 32 Gesetzprojeten eis Thees vum Reformstau endgülteg an eendeiteg bestätegt huet. Wann een nämlech ee Joer virun de Wahlen esou eng Kuelebootsch vu Projete muss deponéieren, dann huet ee virdru seng Aarbecht net gutt gemaach.

***(Interruption)***

Ech wäert dat direkt duerno maachen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Et wier besser gewiescht, Dir hätt dat gemaach ier Der dat dote gesot hutt.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Ech ka mer awer net virstellen, Här Statsminister, dass ee Statsminister, an dat misst Dir jo gutt wëssen, ee Joer virun de Wahlen 32 Gesetzesprojeten deponéiert hätt.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech hunn Iech net esou séier un d'Schaffe kritt, dat ass wouer.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Mä wann Der net gleeft wat ech soen, Här Statsminister, da liest wann ech glift d'Budgetsorientéierungen no vun der Regierung fir d'Joren 2001, 2002 an 2003. Déi Dokumenter gläiche sech nämlech wéi een Ee deem aneren.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Wéi 1996, 1997 an 1998.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- An anere Wierder, och do hat Der d'Responsabilitéit, Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech war eleng zoustänneg.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- An déi Responsabilitéit hëlt een Iech och net ewech.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Et ass soss kee gi wéi mech an där Regierung.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Da dote kléngt mer ganz familiär. Hochmut kommt!

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Vor Ihrem Fall.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Genee, genee. Ganz richteg.

An anere Wierder hunn eenzel Ministèrë fir 2003 genee datselwecht ugekënnegt wéi se et scho fir 2002 a fir 2001 ugekënnegt haten. Dës Budgetsorientatiounen, déi am Chamberreglement als Preparatioun fir den Etat de la nation virgesi sinn, goufen no an no zur Farce degradéiert.

An Här Statsminister, Här Minister fir d'Relatioune mam Parlament, Här Chamberspresident, ech iwwerreechen Iech heimat d'Budgetsorientatioune vun der Regierung fir déi lescht dräi Jor als flagrante Bewäis dofir wéi dës Regierung d'Chamber regelrecht op den Aarm hëlt.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Sponti!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Mä et kënnt nach e bësse besser.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Nach méi Sponti!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Jo, nach méi Sponti.

Fir sech net selwer ze entbléissen a well mer dat lescht Joer schonn un e puer Beispiller demonstréiert haten, wéi d'Regierung sech selwer an hiren Orientéierungspabeiere plagiéiert, hu mer dëst Joer vun der Regierung iwwerhaapt keng Orientation budgétaire kritt.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här Di Bartolomeo, Är Spriecher hunn der jo an dëser Debatt ginn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Wann Dir awer d'Chamberreglement esou wéineg eescht huelt, Här Weiler, dann deet et mer Leed fir Iech. Ech ka mech erënnere wéi Der eenzelnen Deputéierten, déi eng Kéier néng oder zéng Questions parlementaires matenee bruecht haten, wollt verbidden dat ze maachen a se an Zukunft nëmmen nach eng Question parlementaire sech däerften erlaben. Wann Der an därselwechter Logik wäert, da géift Der dem Statsminister verbidde fir op ee Coup 32 Gesetzesprojete virzeleeën, an Dir géift an d'Chamberreglement aféieren, dass de Statsminister nëmme pro Dag nach ee Gesetzesprojet däerf erabréngen.

Ech wëll Iech just soe wéi geckeg dass eenzel Reaktioune vun Iech heiansdo sinn. A wann Dir mam Kapp wénkt…

***(Interruption)***

Dir hutt Recht, ech loosse mer nämlech och näischt verbidden.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Dir hutt et jo gemierkt!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dir hutt et och bei mir gemierkt. Ech hu mech iwwerhaapt net dru gehalen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Awer net esou dacks.

***(Hilarité)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här Weiler, ech wëll Iech awer just soen, dass Der Fraktiounspresident sidd, och an der Conférence des Présidents sidd an e Chamberreglement ze respektéieren hutt, dat am Artikel 98 seet: „Les Ministres mettent à la disposition de la Chambre trois semaines au plus tard avant la déclaration du Président du Gouvernement sur l'état de la nation des documents succincts sur les propositions de l'orientation budgétaire future des Ministères dont ils ont la charge. Le Ministre du Trésor" - och interessant - „est invité à inclure dans son document une récente statistique sur l'évolution de la trésorerie de l'Etat."

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Dat huet d'Madame Flesch och ëmmer gesot, du war se nach zéng Joer an der Oppositioun.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Mä dee Gefale maache mer Iech net, Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Déi aner maachen Iech en. Et kënnt do guer net op Äre Wëllen un.

***(Hilarité)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dir wësst jo, wat ech mat Iech ausgemaach hunn, mä vläicht hutt Der dat an der Zwëschenzäit vergiess.

Mir hunn also dëst Joer iwwerhaapt keng Budgetsorientéierunge kritt. D'Chamber huet zwar reklaméiert, mä et ass näischt komm. Firwat? Ma well d'Regierung an der Zwëschenzäit agesinn huet, dass an deenen Dokumentatiounen näischt Neits ze mellen ass. A firwat ass näischt Neits ze mellen? Well d'Regierung der Chamber näischt Neits ze proposéieren huet.

Här President, ech géif bieden, dass d'Chamber nach eng Kéier beim Minister deen zoustänneg ass fir d'Relatioune mam Parlament intervenéiert, fir dass mer déi Preparatiounsdokumenter fir deen nächste Budget kréien. Se sinn iwwregens och interessant fir deen nächste Budgetsberichterstatter.

Här Statsminister, erlaabt mer méi skeptesch ze sinn, wat den Eescht vun Ärem Aha-Effekt mat 32 Projeten ugeet. D'Ukënnegungspolitik vun dëser Regierung, déi sech de Luxus leescht véiermol - ah neen, entschëllegt, dat Véiert hu mer jo nach net -, dräimol datselwecht unzekënnegen an et awer net ze realiséieren, ass dofir ze vill offensichtlech.

Iwwregens, Här Statsminister, ech erlabe mer Iech en drëtte Projet unzebidden, deen Der net deponéiert hutt. Dee Projet nämlech, deen de Gesondheetsminister ganz elegant laanscht d'Chamber bei de Conseil d'Etat dévéiert huet, de Projet de loi iwwert den Etablissement public portant création d'un centre de réhabilitation, deen zënter dem September beim Statsrot läit.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Fänkt elo net un dem Här Wohlfart seng Aarbecht hei ze maachen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Neen, déi hätt Dir och kënne matmaachen. Dat wësst Der selwer. Ech wëll net op dat leidegt Kapitel do agoen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Loosst den Här Wohlfart a Rou, fänkt elo hei net u mam Här Wohlfart ze polemiséieren.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Ech fannen, dass mer deeselwechten Intérêt hu fir dee Projet séier à bon port ze bréngen, well dee läit elo schonn zënter dem September beim Statsrot, ouni dass en de Wee an d'Parlament fonnt huet. A well Der dat vergiess hutt, Här Statsminister, erlaben ech mer dem Chamberspresident de Projet de loi ze ginn iwwert den Etablissement public Rehazenter. Dat géif dann Är Bilanz elo liicht verbesseren op 33 Projets de loi. Mä ech weess firwat dass d'Regierung deen dote Projet net gär deponéiert, well dee Projet, mat deem Dir och an der leschter Regierung d'accord waart, Här Statsminister, elo net nëmme fënnef Joer méi spéit kënnt, mä och nach duebel esou deier wäert ginn.

***(M. Mars Di Bartolomeo dépose un document intitulé „Projet de loi portant création de l'établissement public « Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation »")***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Loosst den Här Wohlfart an den Här Lahure a Rou.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dann zum Etat de la nation vun dësem Joer oder wat mer dra vermëssen.

Fir d'éischt zum Wunnengsbau, wou trotz Drohunge vum Här Premierminister un d'Spekulanten, trotz Chambersdebatten, trotz Gesetzesännerungen, an obwuel de Premier virun zwee Joer aus dem Wunnengsbau eng éischt Prioritéit a senger Erklärung gemaach huet, sech um Terrain net vill geännert huet. D'Präisser spille weider verréckt an, Här Statsminister, déi Drohung vum 700.000-Awunner-Stat huet dës alarmant Situatioun net verbessert, am Géigendeel.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Loosst den Här Goebbels a Rou.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Ech adresséiere mech un Iech, Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Hien huet ugefaange vun de 700.000 Awunner.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Ech adresséiere mech un lech.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Den Här Goebbels hätt esou gäre gehat Dir kéint lech un hien als Statsminister adresséieren, mä doraus war näischt ginn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här Statsminister, wann Der ganz objektiv sidd, da wäert Der zouginn, dass wann ee 700.000 Awunner zu Lëtzebuerg ukënnegt, dass doduerch sécher d'Baulandpräisser net méi bëlleg ginn an dass doduerch d'Wunnenge sécher net méi bëlleg ginn, an Dir hutt dat ugekënnegt. Dir hutt dat als Drohung an de Raum gesat, an dat huet net dozou bäigedroe fir d'Wunnen hei zu Lëtzebuerg méi bëlleg ze maachen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Wien huet da fir d'éischt dovunner geschwat?

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- D'Regierung stéiert eis Riedner dauernd.

***(Interruptions)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech muss dofir suergen aus Solidarité gouvernementale, dass Dir net hei iwwert den Här Wohlfart, den Här Lahure an den Här Goebbels hierfaalt.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Dir stéiert eis Riedner, Här Minister.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech brénge se op déi richteg Pist.

Ech sinn elo roueg, Här Di Bartolomeo. Dir attackéiert jo haaptsächlech Är eege Parteikolleegen an net d'Regierung.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dir wësst souwisou, dass ech näischt léiwer wéi dat hunn, dass Dir mech ënnerbriecht. Ech stelle just fest, dass hei deux poids et mesures an dësem Parlament sinn. Well wann ech dat dote maachen, kréien ech vum President de Mikro ewechgeholl. Sou geschitt bei deene leschte Budgetsdebatten.

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, ech muss lech soen, dass dat doten net stëmmt, well Dir sidd deen, deen am meeschten déi aner Leit ënnerbrécht.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Voilà, dofir hunn ech och guer näischt dogéint, wann de Statsminister mech ënnerbrécht, an ech hunn och guer näischt dogéint, wann de Statsminister…

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- D'LSAP wëllt der Regierung de Maulkuerf unhänken!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Ech hunn och guer näischt dogéint, wann de Statsminister mech ënnerbrécht bei Saachen, déi en net gär héiert. An dofir widderhuelen ech se och nach eng Kéier. Déi Ukënnegung vum 700.000-Awunner-Stat huet net dozou bäigedroen, …

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Loosst den Här Goebbels a Rou!

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här Statsminister, Dir sollt lech näischt virhuele wat Der net kënnt anhalen. Dir hat jo gesot, Dir géift net méi agräifen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- …dass d'Wunnen hei zu Lëtzebuerg méi bëlleg ginn ass. Net méi hunn ech gesot. A wann Der éierlech sidd, musst Der mir och eigentlech Recht ginn, an ech weess dass Der och esou denkt.

Dofir wëll ech och dovu profitéieren, Här Statsminister, fir lech doriwwer ze informéieren, dass Är Ukënnegungen, déi Der an Ärer leschter an an Ärer virleschter Erklärung zur Lag vun der Natioun gemaach huet, nach net realiséiert sinn. An ech mengen, et ass och d'Aufgab vum Parlament fir lech drop hinzeweisen, wann Är Ministeren lech net ëmmer follegen.

2001 hat Der am Etat de la nation ugekënnegt, dass eng konzertéiert Aktioun mat de Gemengen noutwendeg wär fir d'Situatioun am Wunnengsbau an de Gréff ze kréien, dass een dat an engem partnerschaftleche Geescht misst maachen, an 2001 hat Der och ugekënnegt, dass déi Gemengen, déi bereet sinn ze wuessen, méi staark gehollef sollte kréien.

2002 hutt Der dat e bëssen nuancéiert. Dir hutt gesot, et kann een net bei alle Gemengen datselwecht maachen, an Dir hutt gesot, Ären Innenminister géif mat de Gemenge sougenannten Wunnentwécklungspläng aushandelen. Den Innenminister huet haut den Optrag kritt gehat. Bei der leschter Erklärung zur Lag vun der Natioun hu mer awer misse feststellen, dass esou Wunnentwécklungspläng net entaméiert waren. An dofir wëll ech lech haut soen, dass och ee Joer méi spéit déi Diskussioune mat de Gemenge fir sougenannte Wunnentwécklungspläng nach ëmmer net entaméiert sinn. Den Innenminister huet net mat de Gemenge geschwat, déi bereet si fir ze wuessen, fir hinnen en Equiliber beim Wunnengsbau virzeschloen.

An un d'Adress vum Wunnengsbauminister, deen haut bei eis sëtzt, wëll ech soen, dass mer leider bei alle gudden Usätz, déi et gi si bei dem Projet fir d'Verbessere vum Wunnen, eng Rei vun Ausféierungsbestëmmungen nach ëmmer feelen. Ech mengen domat déi 100 Euro pro Neigebuerene bis an den Alter vu sechs Joer, wou d'Regierung Schwieregkeeten ze hu schéngt, fir deen dote Projet sprochräif ze maachen. Dat gëllt och fir d'Garantie locative bei deene Leit, déi musse loune goen, an ech wëll lech drun erënneren, dass eng Rei vu Propositiounen, déi gemaach gi ware fir d'Situatioun vun deenen, déi musse wunne goen, fir déi ze verbesseren, vun lech ofgeleent gi sinn, wéi ënner anerem de Mietzuschuss, a wéi an eenzelne Fäll eng 100%eg Garantie de l'Etat.

An och wann dëst Joer de Premier wéineg oder näischt iwwert de Wunnengsbau a senger Erklärung zur Lag vun der Natioun gesot huet, bleift de Problem onverännert.

Ech wollt nach ganz kuerz op en zweete Problem agoen, deen eis Suerge mécht. Dat ass d'Evolutioun vun de Gemengefinanzen, duerch de kumuléierten Effekt vun der wirtschaftlecher Stagnatioun an dee progressiven Ofbau vun engem vun den Haaptelementer bei den Einnahme vun de Gemengen. Ech mengen domat d'Gewerbesteier. An dir wësst dass d'Regierung d'lescht Joer an de Raum gestallt huet, dass d'Gemengefinanze spéitstens 2004 riskéiere regelrecht anzebriechen. De Finanzminister huet gemengt, dass mer kënnte mat engem Abroch bei der Gewerbesteier vu 40% rechnen, wat bei villen de Katastrophenszenario géif bedeiten.

Ech wëll awer vun dëser Geleeënheet profitéiere fir d'Regierung un hir Verspriechen ze erënneren, déi se un d'Adress vun de Gemenge gemaach hat, wéi mer un den Ofbau vun der Gewerbesteier gaange sinn. Do huet et geheescht, dass wann et zu engem Abroch bei de Gemengesteiere géif kommen, ouni dass et zu engem Abroch bei de Statsfinanze géif kommen, dass d'Gemenge kënnte mat Kompensatioune rechnen. Esou wéi mer de Statsminister verstanen hunn, ass fir 2004 bei de Statsfinanze keen Abroch deen op eis wäert zoukommen. Bei de Gemengefinanze gesäit dat liicht aneschters aus.

An deen zweeten Accord, dee mir mat der Regierung getraff hunn, ass dee vun der Asetzung vun engem Conseil supérieur des finances communales, dee schafft. D'Analyse si gemaach, mä wann ee gesäit wéi déi Aarbechte viruginn, muss ee sech seriö Gedanke maachen. A wa mir et net fäerdeg bréngen, fir an dësem Joer zu engem Ofschloss ze kommen, da musse mer eis iwwerleeë fir eng Iwwergankssolutioun ze fannen, wann dat wierklech antrëtt wat de Finanzminister ugekënnegt huet, well ech wëll drop hiweisen, dass wann eis Gemenge sengerliewen de Schnapp kréien, da kréien eis Kleng- a Mëttelbetriber ganz séier gläichzäiteg den Houscht - eng Longenentzündung ass och net falsch -, well déi hänke ganz staark vun deenen Opträg of, déi d'Gemengen hinne ginn. An et wär katastrophal fir eis Ekonomie, wann d'Gemengen, déi mat engem Réckgank vun hiren Einnahme konfrontéiert sinn, déi eng oder aner Projete missten zréckstellen.

Ech wëll lech just soen, dass op enger Rei vu Plazen, et brauch een nëmmen d'Gemengerotsberichter vun deene leschte Méint ze liesen, doriwwer haart nogeduecht gëtt, bei enger ganzer Rei vun anere Gemengen, Gott sei Dank net, och net bei enger Rei vun deenen, déi hei sëtzen. Mä ech wëll mam Fanger dorop weisen, dass mer dat net einfach esou offäerdegen, wéi eenzel Ministeren dat maachen, andeem se soen, d'Gemenge schwamme jo am Geld. Dir wësst net wat Der mat deene Sue sollt maachen. Dir geheit se zur Fënster eraus. Ech fannen net, dass dat déi richteg Approche ass, an dat zeugt vun enger profunder Netkenntnis vun der Situatioun an de Gemengen.

Dofir, mir sinn och déi lescht, de Gemengesecteur, déi eis striewen, fir gläichwäerteg oder besser Equiliberen ze fannen, doduerch dass mer iwwert d'Netofschafung vun der Gewerbesteier, mä nei Sources de finances nodenken, déi awer, an dat wëll ech hei ganz kloer soen, net dofir geduecht sinn, fir eis mat Mindereinnahmen ze vertréischten, mä déi am Contraire méi Stabilitéit bréngen, ouni dass se d'Element vun der ekonomescher Aktivitéit an de Gemengen découragéieren.

Mir stellen eis zum Beispill vir, dass mer eng Eenegung kënnte mat der Regierung fannen, wa mer e feste Prozentsaz géife kréie par rapport zu de staatlechen Einnahmen. Ech wëll drop hiweisen, dass an deene leschten zéng Joer, wann een d'Einnahme vun de Gemenge mat deene vum Stat vergläicht, d'Einnahme vun de Gemengen nëmmen nach 23% vun deem duerstelle wat de Stat erakritt huet. Mir louchen eng Zäit wäit iwwer 25%. Et ass also eng lues Erosioun vun de Gemengefinanzen amgaangen. Ech wëll net bestreiden, dass Eenzelner nach ganz gutt dru sinn, mä dat sinn ebe just Eenzelner. De Gros vun deenen 118 Gemenge muss an der Tëschenzäit den Euro schonn zweemol ëmdréinen.

Dann dat lescht Kapitel, dat ech wollt uschneiden, dat ass d'Evolutioun vun der finanzieller Situatioun vun eise Krankekeessen. Ech war ganz frou wéi de Premier gesot huet, dass keng Bäitragserhéijunge wäerten op eis zoukommen. Dat ass positiv. Meng Fro awer, ob bei dëser Ukënnegung berücksichtegt ass, dass am Accord tëschent Regierung an engem Deel vun de Prestatairen, den Dokteren, zousätzlech Ausgaben op eis zukommen. 6,7% wäerten d'Tariffer vun den Dokteren adaptéiert ginn. Si wäerten indexéiert ginn, wat e Coût vun 17,7 Milliounen Euro oder 708 Millioune Frang bedéngt. Ech soen direkt am Klortext, dass déi dote Verbesserungen un d'Adress vun den Dokteren och eenzel Tarifupassungen eis Ënnerstëtzung fannen. Mä d'Aart a Weis, wéi et geschitt ass, ass awer net an der Logik vum 1992er Krankekeessegesetz. Et ass ausserhalb vun der Verhandlungsprozedur vun de Sozialpartner ofgemaach ginn, an d'Regierung huet décidéiert, dass et Verbesserunge gëtt, mä déi Verbesserunge solle vun aneren, dat heescht vun der Union des Caisses de Maladie bezuelt ginn.

Méi logesch, och an der Regierungsphilosophie, wär et, wann ech eppes décidéiere wou d'Sozialpartner net implizéiert wären, da bezuelen ech et och, an zwar dann iwwert de Statsbudget, wat vill méi logesch wär, well da géif de Budget vun der Union des Caisses de Maladie net belaascht ginn, an da géif dee Spillraum bleiwen dee mer brauchen, fir eng Rei vun anere versprachene Verbesserungen ze realiséieren, besonnesch bei der Zännmedezin, mä och beim Progrès vun der Medezin, an ech roden lech eng Kéier d'Nomenklatur duerchzekucken, fir erauszefanne wat fir eng medezinesch Leeschtungen nach erëm bezuelt ginn a wat fir eng net erëm bezuelt ginn, well se eisem System ze vill modern sinn.

Zum Beispill Alternativen zu chirurgeschen Agréffer iwwert de Laser ginn zum gudden Deel iwwer eis Krankekeessen net rembourséiert, wat ech franchement - an ech sinn iwwerzeegt, dass den Här Krieps do mat mir d'accord ass - onsënneg fannen, well wann een net muss schneiden, ass dat ëmmer positiv, an eng ganz Rei vu preventiv medezineschen Agréffer, déi verhënneren dass ee muss schneiden, ginn och net rembourséiert, wat einfach geckeg ass, esou dass mäi Wonsch ass, dass wa mer elo eis Krankekeesse belaaschten, dass dat net op d'Käschte vun deenen noutwendege Verbesserungen däerf sinn, wou mir eis alleguerten eens sinn, dass se misste kommen.

E lescht Wuert zu der Santé. Ausser iwwert de Konflikt iwwert d'Kollektivverträg ass am Moment am Santéswiesen net vill ze héieren, an och am Spidolswiesen, wat d'Verbesserungen ugeet, héiert een net vill. An der Commission parlementaire hate mer laang Diskussiounen iwwert d'Médecine non-conventionnelle, alternativ Medezinen, wat eng ganz interessant Diskussioun ass. Ech géif mer awer éischter wënschen, dass mer iwwer akut Problemer an eiser Santé diskutéieren an iwwert déi vill Projeten, déi mer nach musse stëmmen.

D'Konklusioun, Dir Dammen an Dir Hären, an ech mengen ech hätt dat opgrond vun enger Rei vu Beispiller bewisen: Mir stieche matzen an engem Reformstau. An deene leschte Joren hu mer ze vill Zäit verluer. Dat nächst Joer wäert de Statsminister net méi en ähnlechen Aha-Effekt opweise kënne wéi dëst Joer. Dann ass et nämlech müßeg fir nach 32 Projeten hei ze deponéieren, mä duerch seng Aktioun fir 32 Projeten op ee Coup hei ze deponéieren gëtt eis Aufgab eigentlech méi einfach gemaach, well mir d'nächst Joer Pièce à l'appui weise kënne wat fir Projete realiséiert a wat fir eng Projeten net realiséiert gi sinn.

***(Interruption)***

Här Weiler, wann Der d'Reglement net iwwert de Weekend ännere wäert, da kann ech lech d'nächst Woch 33 oder 34 Question-parlementairë bréngen, wou ech op Projeten hiweisen, déi vun dëser Regierung net realiséiert ginn a wou d'Regierung och net drun denkt fir se ze realiséieren.

Ech soen lech merci.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Maacht wat Der net kënnt loossen, Här Di Bartolomeo!

M. le Président.- Merci, Här Di Bartolomeo. Den nächste Riedner ass den Här Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wann déi wirtschaftlech a finanziell Situatioun an doraus déi sozial Situatioun vum Lëtzebuerger Land am Mëttelpunkt vun dësem Débat steet, dann ass dat kee Wonner. Ech menge mir wëssen alleguerten, datt dat wirtschaftlecht an domat dat finanziellt Ëmfeld zënter dem leschte Joer fundamental changéiert huet. Eng vun deene passionnéierten Diskussiounen ass jo déi, ob mer an enger Rezessioun stiechen oder net.

D'Regierung seet neen an dat kann een och, wann een d'Wuesstumszuele kuckt, nach esou akzeptéieren, mä déi grouss Fro an déi spannend Fro ass: Wéi geet et weider? Wéi geet et weider, wann de Stat an d'Gemengen - mäi Virriedner ass jo elo just dorop agaangen - net méi d'Capacitéit hunn esou ze investéiere wéi dat bis elo de Fall war, an dat schéngt engem, wann een d'Situatioun realistesch kuckt, onausweichlech ze sinn. Wéi geet et weider, dat ass déi aner spannend a beängstigend Fro, wann eis Nopeschlänner an alle virop d'Bundesrepubik Däitschland riicht weider an eng schwéier Rezessioun eraschlidderen.

Finanziell gesinn, seet d'Regierung, wär eis Situatioun gutt. Dat kann een zum Deel esou stoe loossen. Am Verglach mat eisen Nopeschlänner ganz sécher jo, mä wéi mäi Fraktiounschef Gast Gibéryen gëschter scho gesot huet, gi mir elo scho méi Geld aus wéi es erakënnt, well déi Steieren, déi elo erakommen - an de Statsminister huet jo och nach vun engem positive Solde geschwat fir den Ufank vun dësem Joer -, dat si Steieren déi duerch den Décalage bedéngt nach aus Zäite komme wéi eis wirtschaftlech Situatioun besser war wéi se elo reell ass.

Dofir stellt déi grouss a beängschtegend Fro sech: Wou steiere mer an deenen nächste Joren hin? Gëtt net probéiert elo nach bis zu den nächste Wahlen d'Situatioun méi schéin duerzestelle wéi se a Wierklechkeet ass? Et kann ee sech d'Wirtschaftswunderland Däitschland als Beispill oder als Negativbeispill huelen, wou kee Mënsch sech erwaart hätt nach virun zéng oder zwanzeg Joer, datt esou e räicht Land an esou eng katastrophal finanziell Situatioun kéint erarëtschen, aus där et bal keen Entrënne méi gëtt.

Wann de Scholdendéngscht, an dat ass den Haaptproblem bei eisem Noper, ronn 37% vum Budget verschléngt, wann doduerch praktesch keng Investitiounsméiglechkeete méi bestinn, wann dat sech negativ op de Bau an op d'Handwierk auswierkt, wann doduerch de klenge Steierzueler ëmmer méi belaascht gëtt, dee säi Konsum aschränkt an domadder d'Rezessioun ëmmer weider ugedriwwe gëtt, dann ass dat en onheemlech gefäierleche Mechanissem, wann e bis eng Kéier a Bewegung gesat ass. Dofir musse mer alles maachen, fir ze verhënneren dass déi Spiral hei zu Lëtzebuerg a Bewegung kënnt.

Wat hu mir bis elo gemaach? Mir hunn - an dat muss jiddfereen heibannen éierlech zouginn - vun enger exceptionneller Situatioun profitéiert iwwer all déi Joren. D'Banken an och eise berühmte Benzinstourismus hunn onheemlech vill Recettë generéiert iwwert dat eraus wat mir selwer gemengt hunn, Plus-valuen ouni Enn, awer, an dat ass e Punkt, dee muss een hei däitlech erausstellen, mir hunn eng ganz Partie grouss Infrastrukturprojeten trotzdeem iwwert d'Loi de garantie gebaut.

Da muss ee sech d'Fro stellen: Wat bedeit dat? Dat bedeit, datt anerer hei am Land, Privater, dem Stat Geld léine fir Projeten ze realiséieren, mä datt de Stat sech awer engagéiert dat Geld zréckzebezuelen, just méi deier. Ech stellen dann d'Fro: Ass dat keng Statsschold, déi déi privat Entrepreneuren do an der Plaz vum Stat gemaach hunn? Ass dat net eng falsch Duerstellung vun der Situatioun a souguer e regelrechte Bedruch dobaussen um Bierger?

Konklusioun: Eis Finanzsituatioun ass net esou gutt wéi se dobaussen an den Zuelen duergestallt gëtt an d'Fro steet hannendrun: Wéi geet et weider?

Da kënnt en aneren Aspekt an d'Spill, dee wierklech net ze ënnerschätzen ass. Mir hu mat Ofstand, Här President, dat war dëser Deeg an enger ganz bemierkenswäerter Artikelserie am Lëtzebuerger Wort vum Här Kunitzki ze liesen, déi héchste Gehälter a Pensiounen an der Fonction publique. Iwwer 65% vun de Lëtzebuerger schaffen entweder an der Fonction publique oder an den assimiléierte Secteuren, déi dodrun hänken.

An da muss een och gläichzäiteg nach feststellen, datt mer e gewaltege Réckstand an den Investitiounen hunn. Mir hunn déi lescht Jore vill gebaut, dat muss een unerkennen, mä mir hunn e gewaltege Réckstand an den Investitiounen - mir hunn dat jo och déi lescht Deeg ëmmer erëm a Gesetzesprojete gesinn -: am öffentlechen Transport, ganz besonnesch am Eisebunnssecteur, an eise Schoulen, Cliniquen, sozialen Ariichtungen, administrative Gebaier, ech soen nëmme just Palais de justice a Laboratoire an esou weider, an de Kläranlagen an esou weider an esou fort. A mir wëssen, dass eis bescht Mëllechkou vun der Vergaangenheet, d'Bankeplaz, viraussiichtlech hir meeschte Mëllech ginn huet. Wat dat bedeit, dat brauch ech lech net ze soen.

Mir sinn, Här President, op därselwechter Schinn wéi eis däitsch Noperen, just nach e gudde Krack hannendrun. Mä et geet de Bierg of. Manner Recetten op där enger Säit, ganz héich Personalkäschten op där anerer Säit, bedinge manner Investitiounen, wann een net Geld léine goe wëllt. Scholden däerf een awer nëmme maachen, wann et sech ëm eng kuerzfristeg Rezessioun handelt. Scholden däerf een net maachen, wann een an enger déiwer struktureller Kris dra stécht, wéi mir se de Moment kennen, well et ass net nëmmen e kuerzfristegt vorübergehend konjunkturellt Déif, dat mir de Moment duerchliewen.

Doraus ergëtt sech, datt een d'Brems bei den öffentlechen Ausgaben um Niveau vun de Gehälter an de Pensioune ageheie muss. Dat ass deen alleréischte Schrëtt, dee gemaach gi muss. Et war e Feeler, datt dat 2003 net gemaach ginn ass, datt mer ouni mam Ouer ze wackelen den Accord salarial applizéiert hunn, deen ënner falsche Viraussetzungen ausgehandelt an décidéiert ginn ass. Ech erwaarde vun der Regierung, datt 2004, well et gëtt jo ëmmer méi däitlech, wou mer dru sinn, där Situatioun Rechnung gedroe gëtt.

Den Här Statsminister huet hei a senger Weisheet gesot: „D'Gehälter vun de Statsbeamte goufen ugepasst." Ech zitéieren hien hei wuertwiertlech. Ech froe mech: U wat si se dann ugepasst ginn? Un déi an de Nopeschlänner, déi vill vill méi déif si wéi hei zu Lëtzebuerg? Oder un déi am Lëtzebuerger Privatsecteur? Wann ech den Här von Kunitzki liesen, da kënnt dat bal net zoutreffen. Oder éierewéi un d'Deirecht? Mir sinn awer e Land wat den Index nach huet, folglech kann et jo och net dat gewiescht sinn. Ech muss soen, ech verstinn dee Saz vum Här Statsminister net.

Et ass awer ganz sécher en total falscht Signal un eis jonk Leit gewiescht. Dir wësst wat ech mengen. Mir lamentéieren alleguerten driwwer, dass de Mëttelstandssecteur amgaangen ass hannerzech ze goen, datt ëmmer manner jonk Leit bereet si Betriber ze grënnen, Betriber ze iwwerhuelen, de Risiko, d'Chargen an d'Belaaschtunge vum fräie Beruff op sech ze huelen. Laut enger ILReS-Ëmfro, déi rezent gemaach ginn ass, wëllen iwwer 80% vun eise jonke Leit an der Fonction publique ënnerdaach kommen a bal 90% vun hiren Eltere sinn der Meenung, hir Kanner sollten onbedéngt bei d'Fonction publique goen.

Et muss ee sech froen, ob mer dann um Mound liewen. Mir wëssen alleguerten, wann de Privatsecteur net gutt funktionéiert, datt dann näischt geet. An dofir misst et genee ëmgekéiert sinn. Et misst eigentlech an de Käpp vun eise jonke Leit d'Iddi sech etabléieren, datt et sech loune géing fir an e fräie Beruff ze goen, fir e klengen oder mëttlere Betrib ze iwwerhuelen oder souguer ze grënnen.

Tatsaach ass awer, datt trotz alle gudden Initiativen - ech si frou, dass de Mëttelstandsminister hei vis-à-vis sëtzt - a gutt gemengten Initiativen et an der Praxis anescht ausgesäit, datt d'Verwaltunge meeschtens méi blockéiere wéi datt se als Service de Mëttelständler vis-à-vis stinn.

Ech géing vläicht mat enger ganz liichter Iwwerdreiwung nëmmen hei soen: Haut misst et eigentlech esou sinn, dass wann de Mëttelständler op e Büro kënnt an hie seet hie géing gären deen an dee Projet realiséieren an esou, datt eigentlech dee vis-à-vis hannert dem Schreifdësch opstoe misst a fir d'éischt him den Hutt ofdoe misst a soe misst: Ma mir si glécklech, dass Dir eppes maacht. Wat kann ech maachen? Kann ech lech Ären Dossier fäerdeg maachen? Mir stinn hei Dag an Nuecht op dem Posten, fir lech ze hëllefen.

Dat ass effektiv déi Erwaardung, déi een un e Service public géing stellen. Mir wëssen awer, dass et an der Realitéit ganz anescht ausgesäit.

An ech wollt, Här President, eppes hei - ech hunn d'lescht Woch schonn dat hei zur Sprooch bruecht um Beispill vum Pei-Musée - vun deem lamentablen Dossier an nach un anere Beispiller festmaachen, wéi gutt gefouert lëtzebuergesch mëttelstänneg Betriber vun der eegener Verwaltung Steng an d'Féiss getässelt kréien. Et muss ee sech souguer d'Fro stellen, ob net souguer eng Absicht dohannert stécht fir eenzel Betriber regelrecht fäerdeg ze maachen.

Wann een d'Fakte kuckt, wann ee gesäit datt eng gutt Entreprise, déi hir Experienz a Leeschtungskraaft ënner Beweis gestallt huet an der Vergaangenheet, déi hir Steieren a Soziallaaschten ëmmer zur Zäit bezuelt huet, déi eng optimal Offer mécht, déi all Effort gemaach huet fir dee beschtméiglechste Produit ze offréieren, écartéiert gëtt, systematesch all Tricken ugewannt gi fir déi Entreprise ze écartéieren zu Gonschte vun enger auslännescher Firma, déi bilanzméisseg praktesch Faillite ass, well hir kumuléiert Pertë méi grouss si wéi hire Capital social. Ech hu mer soe gelooss vu Leit, déi sech besser dran auskennen, dass esou eng Entreprise hei zu Lëtzebuerg scho misst zougemaach gi sinn.

M. le Président.- Här Mehlen, d'Madame Minister géif dozou gären eppes soen.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Jo, wann et net op meng Zäit ugerechent gëtt.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här Mehlen, déi Firma vun där Dir schwätzt hat den Zouschlag. Ech ginn net midd dat ze widderhuelen. Wann déi Firma dat, wat se ugebueden huet, hätt kënne liwweren, da wieren d'Steng scho laang um Musée.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Mir kënnen eis elo net am Detail driwwer ënnerhalen. Dir wësst ganz genee, datt déi Firma sech…

***(Interruption)***

Neen. Här Strotz, mir kënnen eis roueg eng Kéier am Detail driwwer ënnerhalen.

Déi Firma huet en anert Produkt offréiert wat genausou gutt war, wat ënner Ëmstänn nach besser war. Well se als Sous-traitant opgetratt sinn, déi Sogépierre, wär et méiglech gewiescht, mä Dir hutt dat net gewollt, Madame Minister. Dir sidd där Solutioun, déi sech ugebueden huet, aus de Féiss gaang. Dir wësst ganz genau, datt déi Firma vun där mir schwätzen e schrëftlechen Engagement hat, dass se dee Produit geliwwert krit, an datt d'Carrière sech net dodru gehalen huet. Trotzdeem stinn haut Bléck do, wou den „LU" grouss drop steet, wou kee Mënsch weess wat sech do hannendru verstoppt.

Dat heiten ass een Aspekt.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Dass déi Firma op der ganzer Linn hire Prozess verluer huet, da sot dat och.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Bei deem éischten, deen hei zu Lëtzebuerg um Verwaltungsgeriicht gefouert ginn ass, do huet och d'Verwaltung verluer. An deen nächste verléiert Der och.

Ech komme bei eng aner Affär, Här President, déi déiselwecht Firma betrëfft, mä dat ass awer elo net vu Wichtegkeet. Den Här Landwirtschaftsminister ass hei an hie weess vu wat ech schwätzen. Et betrëfft de Remembrement, wou déiselwecht Firma, obschonns se zu Onrecht écartéiert ginn ass, well si huet um Tribunal administratif, bei der Cour administrative a bei der Cour d'appel Recht kritt, an trotzdeem gëtt elo erëm probéiert…

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Wuerfir huet si da Recht kritt? Wéinst engem Formfeeler huet se Recht kritt. Dofir huet se Recht kritt.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Dat wat d'Geriicht och gefuerdert huet: Wuerfir leet déi Verwaltung d'Dokumenter net op den Dësch? Hei gëtt jo nëmme mat verdeckte Kaarte gespillt. Et gëtt probéiert eng Entreprise, déi ëmmer hiren Obligatioune vis-à-vis vum Lëtzebuerger Stat nokomm ass, futti ze maachen. An da schwätzt Dir hei vun enger gesonder Mëttelstandspolitik.

En drëtte Facteur, eng drëtt Affär betrëfft den Ëmweltministère. Erëm eng Kéier…

***(Interruption)***

…- jo, Här Strotz - um Geriicht, um Tribunal administratif a bei der Cour d'appel op zwou Instanze gewonnen, Condamnatioun um Civil fir 42 Millioune Schuedensersatz ze bezuelen, an d'Regierung refuséiert fir ze bezuelen.

Et muss ee sech froe wat hei am Land a verschiddene Verwaltunge lass ass, wann esou eng Haltung vis-à-vis vu Lëtzebuerger Entreprisen ageholl gëtt an op där anerer Säit eng Entreprise, déi, wéi gesot, faktesch Faillite ass, well d'Pertes reportées méi héich si wéi de Capital social, mat alle Mëttelen héich gehale gëtt. Elo ass och nach de Seuil, wou den Zouschlag hätt kënne komme fir déi Lëtzebuerger Entreprise, willkürlech eropgesat gi fir se ze écartéieren. Wéi ass esou eppes mënscheméiglech?

Här President, et muss ee sech do d'Fro stellen, wéisou dass et méiglech ass, datt de Stat mat de Gelder vum Steierzueler ka Prozesser a Prozesser féieren a sech iwwer Uerteeler kann ewechsetzen.

Ech kommen nach op eng aner Affär ze schwätzen, an do stellt sech d'Fro a wat fir engem Rechtsstat mer liewen. Dat ass d'Affär vun de GSM-Antennen zu Bäerdref. Och do gëtt et zwee Urteeler, éischt Instanz, zweet Instanz, 1,5 Joer schonn, mä et geschitt einfach näischt. Hei ginn Uerteeler vun de Geriichter gesprach, déi net exécutéiert ginn. An da lamentéiere mer hei iwwert de Fonctionnement vun de Geriichter. Mir sollen emol kucke wéi d'Uerteeler an der Praxis exécutéiert ginn.

Här President, ech wollt nach just soen - ech halen dann och op -, well d'Regierung wëllt jo erëm eng Kéier eng Mëttelstandsoffensiv starten: Et wär gutt wann emol an der richteger Approche vis-à-vis vun de Betriber géing gehandelt ginn, wann de Stat sech géing korrekt behuelen, wann eng positiv Astellung do wär fir ze hëllefe wou et nëmme geet a wou et néideg ass, an net Schikanen a Paperassen ouni Enn opzebauen a virun allem eng Besoldungspolitik ze maachen, déi net à concurrence déloyale zum Privatsecteur stoen däerf.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Dee leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Camille Gira. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Ech wollt eigentlech net direkt an d'Debatten zur Lag vun der Natioun agräifen. Wéi awer an deem Kontext hei déi Motioun vum Här Strotz an och déi vum Här Scheuer erakomm sinn, ware mer als Gréng awer iwwerzeegt, dass mer éischtens hei reagéieren an intervenéiere missten op déi Motiounen a mir hunn och selwer am Kontext vun dësen Debatten eng aner Motioun abruecht. Ech wëll dann dozou Stellung huelen, well dee Phenomeen mat deem mir eis an deem dote Kontext beschäftegen dann awer erëm vläicht méi mat der Lag vun der Natioun ze dinn huet wéi ee vläicht op deen éischte Moment menge kéint.

Här President, mir waren als Gréng der Meenung, dass mer misste reagéieren op dat wat d'lescht Woch an dës Woch an deem Kontext ofgelaf ass, well mer der Meenung sinn dass dat wat hei vum Här Strotz ugekierbt ginn ass am Kontext mat där Motioun wierklech eng Zort vu Populismus ass, dee bal net méi ze iwwerbidden ass.

Populismus an deem Sënn, dass hei probéiert gëtt ze maache wéi wann ee mat ganz einfache Mëttele kéint ganz komplex Problemer léisen. Populismus an deem Sënn, dass hei d'Wieler an d'Wielerinne virgegaukelt kréien hire Problem kéint geléist ginn, déi responsabel Leit, déi awer dës Motiounen erabréngen, vu virera wëssen, dass dat wat se hei virschloen iwwerhaapt net zur Léisung vun deem Problem wäert bäidroen, mä héchstens dovu wäert oflenken.

Populismus och an deem Sënn, dass een an enger Motioun dat eent an de Géigendeel vun deemselwechte freet, a wann een déi nei Motioun liest, déi den Här Strotz erabruecht huet, da gëtt deen dote Paradox nach vill méi kloer wéi an där éischter Motioun, well dann an der Tëschenzäit eng Rei aner Leit dofir gesuergt hunn, dass zumindest e ganz bësse vun de Nuisancë vun där Tankstell geschwat gëtt, mä et kann een awer net esou eng Tankstell bauen an esou maache wéi wa se keng Nuisancen a keng Auswierkungen hätt.

Ze maache wéi wann eng Tankstell, Här President, op der Saarstrooss de Problem zu Schengen, zu Mondorf oder an aneren Uertschaften am Oste géing léisen, dat ass an eisen Ae wierklech pure Populismus.

Här President, ech hat geduecht den Här Strotz an och aner Leit aus dem Oste géingen hire Bezierk wierklech besser kennen, well wa se e géinge besser kennen, da wéisste se jo dass d'Tankstell op der Tréierer Autobunn awer och näischt, awer och guer näischt dozou bäigedroen huet, dass d'Situatioun besonnesch de Weekend zu Waasserbëlleg am Kontext Tanktourismus besser gi wär.

***(Interruption)***

Här Strotz, da sidd dach einfach éierlech!

***(Interruption)***

Ech kommen nach dozou, Här Gibéryen. Passt op wat Dir sot! Ech weess net wéi Dir an der Geographie doheem sidd. Komescherweis ass d'Gemeng Biekerech och eng Grenzgemeng, mä si huet awer de Problem Tanktourismus e bësse besser am Gréff wéi verschidden anerer.

***(Hilarité)***

Jo.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Bei lech fuere keng 2.000 Camionen derduerch.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech kommen nach ganz genau dozou.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat wär glafwierdeg wa kee vun deene Grénge méi géif mat engem Auto fueren.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Oh, dat ass jo lächerlech. Här Gibéryen, dat doten ass jo awer vun engem Niveau, dat doten ass wierklech nach e bësse méi populistesch wéi dat wat den Här Strotz hei gemaach huet.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dir gitt och gären tanken, mä déi aner däerfen net tanke goen.

***(Interruption)***

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, wien huet d'Wuert hei, den Här Gibéryen oder ech? Wien huet et?

M. le Président.- Ech géif lech alleguerte bieden, souwuel den Orateur wéi déi aner Parlamentarier heibannen, sech ëmmer un d'Chamber ze wennen an net een direkt mat deem aneren ze schwätzen. Wann ech glift, wann ee wëllt eng Interventioun maachen, wennt lech un d'Chamber! Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Ech behaapten hei, an dat ka jiddfereen op der Plaz vérifiéieren: De Bau vun der Tankstell op der Tréierer Autobunn huet guer näischt zur Liewensqualitéit fir Waasserbëlleg selwer bäigedroen. An, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, genausou wäert et och zu Schengen sinn an esou wäert et zu Mondorf sinn.

***(Interruptions)***

Här President, ech verstinn déi Leit an deenen Uertschaften, déi besonnesch de Weekend mat der ganzer Belaaschtung do konfrontéiert sinn, mä et muss een awer och, wann een d'Analys vun der ganzer Situatioun mécht, ganz kloer an däitlech soen, dass e gudden Deel vun deem Problem hausgemaach ass.

Et huet kee Mënsch déi eenzel Gemengen do forcéiert siwen, aacht,

néng, zéng, eelef, zwielef Tankstellen unzehuelen. An, Här Gibéryen, da sinn ech um Punkt, deen ech éinescht ugeschwat hunn. Bekanntlecherweis läit och d'Gemeng Biekerech op der Grenz an ass selbstverständlech wéi aner Grenzgemenge mam Problem vum Tanktourismus konfrontéiert ginn. An ech mengen eng Stad Arel als Hannerland ass mindestens esou vill wäert wéi eng Rei Uertschaften aus dem Saarland.

A mir hunn och véier Tankstellen zu Uewerpallen op der Grenz, mä ech kann Iech soen, Här President, do ware Gemenge verantwortlech, déi mat Zäit gesinn hunn zu wat dee Phenomeen Tanktourismus géing féieren, an déi dofir gesuergt hunn dass, wéi déi fënneft Demande komm ass vun enger Firma, se déi juristesch Moyenen am Grapp haten, dass se déi fënneft Tankstell konnte refuséieren. Deemools war nach de Statsrot responsabel, dass mer bis op de Statsrot dee Prozess géint déi Firma gewonnen hunn.

An ech kann Iech soen, Här Gibéryen, de Moment leeft e Kommodo-Verfahre vun der Shell, fir se net ze nennen, fir déi bestehend Tankstell ze vergréisseren. De Schäfferot huet refuséiert eng Vergréisserung vun der Tankstell ze akzeptéieren, e war just d'accord mat enger Moderniséierung. An och do si mer mat der Ëmweltverwaltung eens ginn a mir hunn eis déi juristesch Moyene ginn, dass déi Tankstell net vergréissert gëtt, well mer mengen dass véier Tankstelle méi wéi duer ginn, an dass mer ganz gären op zousätzlech Gewerbesteieren, wann der iwwerhaapt sollte kommen, verzichten, fir d'Liewensqualitéit an eisen Uertschaften ze erhalen. An dofir soen ech, de Phenomeen zu Schengen an zu Mondorf, a wou och ëmmer, ass e gudden Deel hausgemaach.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Mir hate 15 Tankstellen, mir hunn der nach just siwen!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Kee Mënsch forcéiert déi jeeweileg Gemengen, esou vill Tankstelle bei sech ze akzeptéieren.

A wa mer wëllen déi negativ Auswierkunge vum Tanktourismus an de Grëff kréien, da sécherlech net andeem mer ëmmer erëm nei Tankstelle bauen, mä dass mer eng Kéier fundamental dëse Phenomeen uginn an iwwert d'Problematik diskutéieren. Dir kënnt eis op jidde Fall net virwerfen, dass mir dat net scho laang Zäit maachen. Ech hunn am Oktober 2001 eng Motioun erabruecht. Et ass déiselwecht, déi ech haut nach eng Kéier erabruecht hunn, wou mer gesot hunn dass mer missten oppassen, wéi mer mat deem Phenomeen géingen ëmgoen. Mir hunn deemools am Oktober 2001 net méi an net manner gefuerdert, wéi dass mer géingen eng seriö Etüd maachen, wou mir eng Kéier d'Virdeeler an d'Nodeeler vun deem ganze Phenomeen géingen analyséieren, souwuel am Ëmweltberäich wéi och am wirtschaftleche Beräich.

An de Clou vun där ganzer Saach mat där Motioun ass jo, dass mer eigentlech an der Ëmweltkommissioun eis scho bal eens waren, dass déi Motioun sënnvoll wär an dass mer géingen déi staatlech Stelle beoptragen dës Etüd ze maachen, an dunn, Här President, huet deeselwechten Här, dee virun e puer Deeg eng Motioun zur Tankstell erabruecht huet, et fäerdeg bruecht dës Motioun an der Kommissioun vun de Bâtiments publics ze boykottéieren. Si ass duerno an den Tiräng iergendwou verschwonn an dofir bréngen ech se haut nach eng Kéier.

Här President, hätte mer deemools am Oktober 2001…

***(Interruption)***

Dir hutt mech genuch ënnerbrach, Här Strotz. Ech gesinn net an firwat dass Dir hei nach eng Kéier sollt schwätzen.

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- An déi aner, déi an d'Travaux-publics-Kommissioun gaangen ass, déi ass do mat grousser Majoritéit ofgeleent ginn.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Dat hunn ech elo grad gesot. Dir hutt dofir gesuergt, dass se an der Bautekommissioun blockéiert ginn ass, während mer an der Ëmweltkommissioun eis eens waren, dass esou eng Etüd an allen Hisiichte sënnvoll wär.

***(Interruption)***

Här President, et mécht elo kee Sënn. Mir misste schonn d'Procèsverbauxe vun deenen eenzelne Sitzungen erbäibréngen.

M. le Président.- Dir hutt nach 30 Minutten Zäit fir bei de Motiounen drop zréck ze kommen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Ech wär awer frou, wann den Här Strotz mech net permanent géing ënnerbriechen. Dat erënnert mech e bëssen un dat Sprachwuert, wann ee mat engem Steen an e Koup Hënn gehäit, da jäitzt normalerweis deen, deen ee getraff huet.

Et gëtt an der Tëschenzäit ëmmer méi wichteg, dass mer eis mat deem Phenomeen do beschäftegen. Firwat?

Ech hunn heiansdo dat Gefill, wéi wann eng Rei Leit an der Chamber géinge mengen, dat wat dës Regierung zu Kyoto ënnerschriwwen huet, dat wär eng allgemeng Absichtserklärung. Et gëtt awer ëmmer méi kloer, dass Kyoto ganz konkret Reduktiounsziler festgehalen huet, an et sinn net nëmme konkret Ziler festgehale ginn, et sinn och konkret Datume festgehale ginn. An déi Datume kommen ëmmer méi no, an den Instrumentarium, fir dës Ziler och anzehalen, gëtt ëmmer méi konkret. Et ass genau an deem Kontext wou den Tanktourismus eis riskéiert eng Kéier op de Kapp ze falen.

Et ass schued, Här President, dass den Här Strotz als Member vun der Ëmweltkommissioun et net derwäert fonnt huet de 5. Mee op e ganz spannenden an interessante Séminaire an d'Chambre des Métiers ze kommen, dee vum Ëmweltministère organiséiert war, well wann e vläicht do gewiescht wär, hätt e vläicht e bësse méi gezéckt fir seng Motioun anzebréngen. Firwat? Well de 5. Mee ass an der Chambre des Métiers e ganze Mëtten diskutéiert ginn iwwer eng nei EU-Direktiv am Kontext vum Kyoto-Protokoll fir den Emission-trading, also den Handel mat Zertifikater fir d'$CO_2$-Emissioune kënnen ze maachen, fir déi hei zu Lëtzebuerg ëmzesetzen. Déi Direktiv, déi muss zu Lëtzebuerg ëmgesat gi wéi iwwerall bis Enn 2003.

Ëm wat geet et an där Direktiv? Et mussen an enger éischter Phas eng Rei Betriber $CO_2$-Zertifikater kréien, wéi vill Tonnen $CO_2$ se däerfen émettéieren. Dat sinn anscheinend hei zu Lëtzebuerg an déi 20 Betriber. An enger éischter Phas sinn dës Zertifikater gratis. An enger zweeter Phas wäert en Deel versteet ginn. Mä, an do si mer um springende Punkt, d'Regierung muss parallell zu der Ëmsetzung vun dëser Direktiv e Plang festleeën an haut schonn definéieren, wéi d'$CO_2$-Emissiounen am Zäitraum 2008, 2012 op déi jeeweileg Secteure verdeelt wäerte ginn. Also ganz kloer: Wéi vill Milliounen Tonnen $CO_2$ däerf de Verkéierssecteur 2008, 2012 émettéieren? Wéi vill den industrielle Secteur? A wéi vill d'Haushalter?

An deem Séminaire ass ganz kloer eraus komm, dass wa mer Schwieregkeeten hunn, an déi hu mer, dat huet ee jo duerch eng Rei Aussoen esou wuel vum Statsminister wéi vum Ëmweltminister schonn héieren, déi minus 28% anzehalen, dass dat virun allem duerch de Phenomeen Tanktourismus ass.

Wat hei geschitt, dat ass dass mer amgaang sinn, duerch den Ausbau vun deem Tanktourismus, déi industriell Entwécklung vu Lëtzebuerg ze handicapéieren. An dat hunn net déi Gréng erfonnt, dat kënnt Dir och schonn noliesen an Avisë vun der Chambre de Commerce oder der FEDIL. D'FEDIL war ganz gutt vertrueden op deem Séminaire, well se wësse wat um Spill steet. Si hu gewarnt dervir an hu gesot, mir missten eis ganz seriö mam Phenomeen Tanktourismus beschäftegen, well et wär en Handicap fir hir industriell Diversifikatioun.

An et ass awer evident, Här President, sou wéi all nei Strooss neie Verkéier unzitt, zitt och all nei Tankstell neien Tanktourismus un, an dofir fanne mir et wierklech onverantwortlech an deem heite Kontext an ouni déi Etüd, déi mir zënter anerhalwem Joer verlaangen, hei elo déi Motioun vum Här Strotz ze verabschieden. Mir plädéiere wierklech derfir, fir déi elo net ze verabschieden, an eis Motioun unzehuelen an déi Etüd esou séier wéi méiglech an Optrag ze ginn, fir dann, wa mer d'Chiffren um Dësch leien hunn, wéinstens en connaissance de cause driwwer ze diskutéieren an och vläicht ze décidéieren, ob déi Tankstell éischtens gebraucht gëtt, an zweetens ob se sënnvoll ass. Bis dohin ass och d'Saarstrooss schonn eng Zäitchen a Betrib an da kënne mer jo gesinn, ob dat alles antrëtt, wat hei gewësse Leit wéi den Däiwel un d'Wand molen.

Mir fannen dat, wat hei amgaang ass ze geschéien, onverantwortlech. Dat do ass wierklech net nohalteg an ass genau de Géigendeel vun deem, wat de Statsminister gesot huet, dass mer missten oppassen dass mer d'Zukunft net mat Décisioune vun haut hypothekéieren. Déi Tankstell ass genau eng vun deene falschen Décisiounen, déi dës Majoritéit wäert huelen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Gira. Domadder ass eis Riedner-lëscht erschöpft, an ech hunn de Plëséier den Här Statsminister ze biede Stellung ze huelen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Erklärung zur Lag vun der Natioun huet Traditioun, an Traditioun huet och d'Reaktioun op d'Deklaratioun zur Lag vun der Natioun. Déi eng fanne se fad a schwaach. Déi aner fanne se säfteg a kräfteg.

Esou hunn ech meng Ried de leschten Dënschdeg ugefaangen, an nodeem ech dee Saz widderholl hunn, kéint ech mech eigentlech elo direkt erëm sëtze goen, well genau esou ass et gaangen. Et ass just déi débordant Léift fir den Här Mars Di Bartolomeo déi mech zu engem leschten Effort hei inspiréiert, fir him ze soen, dass dat, wat hien an déi meescht vu senge Parteikolleegen hei gesot hunn, eigentlech dem Usproch vun där Debatt hei nëmmen annähernd gerecht gëtt, well wann d'Übung soll doranner bestoen, net fir ze weise wie Recht a wien Onrecht hat, mä fir sech an enger Ried esou auszedrécken, dass een d'nächst Joer ka beweisen ob een dëst Joer Recht oder Onrecht hat, dann ass et esou, wann ech den Exercice fir d'nächst Joer a senger Dürftegkeet vergläiche mat deem wat d'lescht Joer an dësen Debatten ze vill gesot ginn ass, dass een, wier ee Sozialist, déi Übung selbstverständlech tunlichst géif vermeiden.

***(Interruption)***

Dat war ee Schachtelsaz, jo. Ech kann en och net widderhuelen.

***(Hilarité)***

Dir hutt awer gutt verstanen, wat gemengt war. Ech hu gemierkt, all Kéiers wann Dir just d'Form kritiséiert, Iech mat der Grammatik beschäftegt a mam Vocabulaire, dann ass et well Der zum Fong eigentlech näischt direkt auszedrécken hutt. Back to basics. Déi, déi nach dovu profitéiert hunn, déi hu Gefalen drun, u Sproochbiller.

Och huet mech gewonnert an dëser Debatt, mä eigentlech huet et mech net gewonnert, well ech liesen opmierksam wat d'Sozialiste kloer iwwerschreiwen, a si schreiwe vill a si schreiwen ze vill, wéi d'Besichtegung vun deem Geschriwwene ganz dacks weist, mat wat fir enger Todesverachtung sech hei op déi mangelnd Wäitsiicht vun der Regierung an ekonomeschen a finanzielle Froe gestierzt gëtt.

Den Här Gibéryen, deen och an eng autobiographesch Fal gefall war, ass och mat op deen Trip do gaangen. Do wëll ech drun erënneren, dass et richteg ass, dass ech méi wéi eemol, eigentlech 20 Joer laang, hei an de Rieden zum Budget oder an de Rieden zur Lag vun der Natioun, wéi ech déi bis ze halen hat, regelméisseg beschriwwen hu wat de Statec mengt iwwert dat wat ass, an iwwert dat wat kënnt, wat d'Servicer vun der europäescher Kommissioun schreiwen iwwert dat wat ass, oder dat wat kënnt, wat den internationale Währungsfong, wat d'OECD a wat déi grouss europäesch Wirtschaftsinstituter zu där Saach soen.

A wann eng Regierung hir Finanzpolitik plangt, hire Budget opstellt, sech probéiert virzestelle wat kann dann elo geschéien, da mécht all Regierung dat wat och d'Nopeschregierunge maachen, si hält sech grosso modo, à moins dass se eescht Indikatiounen dofir huet dass dat alles falsch ass wat déi Leit do schreiwen, un dat wat do als Basishypotheese fir Wuessen a Wäerde vun der europäescher an domadder vun der nationaler Ekonomie fir déi nächst ee bis zwee Joer an d'Haus steet. Dat hu mer gemaach. Ech kann domat liewen, dass ee mer seet, dat wier falsch gewiescht, mä ech kënnt nach besser domat liewe wann een d'Korrektheet hätt fir ze soen, dass all Mënsch eppes Falsches opgeschriwwen huet, oder dass d'Regierung um Enn sech um falsche Basismaterial inspiréiert huet.

***(Interruption)***

Jo, ech sinn elo bléckméisseg mat dem Här Gibéryen beschäftegt. Bei Iech kommen ech och nach, mat méi engem doucë Bléck zwar, mä ëmmerhin.

Et gëtt keng Regierung an der Europäescher Unioun, jo weltwäit, déi de Budget 2002 an de Budget 2003 esou opgestallt huet, dass e géif automatesch an d'Konsequenzlandschaft passen, déi sech aus der Konjunkturlandschaft ergëtt, déi mer vum Summer vum leschte Joer u kritt hunn. Well kee wousst, an Dir kënnt och keng Stëmm zitéieren, déi dat geschriwwen huet d'lescht Joer am Mäerz, Abrëll, dass d'Reprise vun der weltwäiter a vun der europäescher Ekonomie géif bis an d'zweet Halschent vum Joer 2003 fir unzefänken.

Am Géigendeel, ech hu Stëmmen zitéiert, déi déi Reprise vun der europäescher Ekonomie a vun der Weltwirtschaft a vum Welthandel virun allem, fir vill méi fréi, nämlech fir d'zweet Halschent vum leschte Joer, viraus gesot hunn. Elo seet all Mënsch, et ass fir d'zweet Halschent vun dësem Joer. Virsichteg gi sinn ech, an ergo hunn ech déi Stëmmen emol iwwerhaapt net méi zitéiert, fir dass den Här Gibéryen mer se d'nächst Joer net kënnt falsch zitéieren andeem en d'Autorenschaft fir déi Etüde systematesch verkennt an op de Kapp stellt.

Mir gi wuel, wéi sämtlech Finanzministeren an der Europäescher Unioun, dovun aus, dass mer an den Ufank vun der konjunktureller Reprise am zweete Semester vum Joer 2003 eraginn, mengen awer, dass dat Unzéie vun der Konjunktur net esou zolidd ass, dass sech doraus wesentlech aner Donnéeë fir dat ekonomescht Gesamtwuesstum vum Kontinent an och fir déi lëtzebuergesch Parzell vum Wuesstum sech géifen erginn. Ergo menge mer, dass eng virsichteg Aschätzung an eng virsichteg Praxis bei der Ausgabepolitik fir dat lafend Joer a fir dat nächst Joer ugesot wär.

Déi Budgetsprévisiounen, déi mer gemaach hunn, si selbstverständlech net esou agetratt wéi mer dat gemengt haten. Mä si sinn awer och net esou agetratt wéi anerer eis et virausgesot haten, e wäitsichtegen Deel vun der Lëtzebuerger Wëssenschaft a Froe vu Budgets-, Finanz- a Fiskalpolitik. Am Hierscht d'lescht Joer ass eis virausgesot ginn, nodeem mer gesot hate wou mer dru wieren, de Budget vum Joer 2002 géif mat engem Defizit ofschléissen. De Budget vum Joer 2002 schléisst net mat engem Defizit of, e schléisst mat engem Boni vu 60 Milliounen Euro of.

An den Här Gibéryen plus anerer, den Här Jeannot Krecké och, hu mer erkläert firwat dass dat esou ass. Déi hunn hei déi Erklärunge widderholl, déi och d'Regierung an hir Beamteschaft an den zoustännege Chamberskommissioune ginn hunn an déi de Budgets- a Finanzminister itérativement virun der Lëtzebuerger Öffentlechkeet exposéiert huet, nämlech dass mer an de leschte Joren esouwuel Reserven ugeluecht hu wat déi öffentlech Ausgabestänn an Ausgabennoutwendegkeeten ubelaangt, wéi och Reservë sech tasséiere gelooss hu wat déi öffentlech Einnahmen ubelaangt.

Dat war kee Geheimnis. Nei ass just dass haut kritiséiert gëtt, dass mer dat elo maachen, während an deene leschte Joren op bal alle Bänken hei am Land kritiséiert ginn ass, dass mer ugefaangen hunn déi Politik ze maachen, fir déi Sue kënnen ze huele wa mer an dësem Moment keng Sue méi hätten. Ech gesi mech dach nach hei schweisstriefend iwwer laang Jore stoen, erkläre Reservë misst e klenge Stat wéi Lëtzebuerg hunn, well mir wiere keng Konjunkturlokomotiv an Europa. Mir wieren auf Gedei und Verderben drop ugewisen op eiser Visitekaart stoen ze hunn, dass eis Finanzreservë sech op engem ganz héijen Niveau belafen. Ech gesi mech nach jorelaang hei stoen, vernannt ze gi Schëmmel a Bless, dass mer d'Steiere schonn erëm eng Kéier - ech hunn et iwwerlieft, Här Gibéryen - ze niddreg ageschat haten, dass mer géife probéiere systematesch d'Sue laanscht d'Chamber a laanscht d'Öffentlechkeet ze féieren.

Ech héieren dat hei kloer 1999, 2000, wou gejaut ginn ass no enger Steierreform, wou jiddereen heibanne gesot huet, de Lëtzebuerger Stat an d'Regierung schwammen am Geld, wou gesot ginn ass, wann ee geäntwert huet, ma déi Suen, déi brauche mer och fir déi Investissementer ze bezuelen, déi mer an deenen nächste Jore musse bezuelen. Dat si keng Reservë fir egal wat ze maachen, dat si Reserven déi eigentlech scho prêt a quasi intégral affektéiert sinn, du sinn déi Explikatiounen net gegleeft ginn.

Ech kommen net derlaanscht drun ze erënneren, dass ech, ier mer de Budget vum leschte Joer opgestallt hunn, am Mee, Juni, Juli 2002 gewarnt hunn, dass de Wuesstum zu Lëtzebuerg sech eng Kéier géif an eng aner Richtung fortmaachen, wéi dat an deene leschte Joren de Fall war. Du hunn ech gesot kritt, ech géif de klenge Leit näischt vergonnen, du hunn ech gesot kritt, ech géif Schwaarzmolerei maa-

chen. Dunn ass vu falsche Propheten a vun aneren hellegen an onhellege Figuren, déi an d'Politallegorie Agank fonnt hunn, geschwat ginn.

Wéi ass et da komm? Et ass esou komm wéi ech gefäert hunn dass et kënnt kommen, ouni dass ech wosst dass et mat Sécherheet géif esou kommen. Wéi ech gesot hunn, wéi mer ugefaangen hu mam Budget 2003, op enger Pressekonferenz am Juli vum leschte Joer, de Budgetsminister wier schlecht drun an de Budget misst wierklech ferm ënner Kontroll gesat ginn, mir géifen an en Enkpass riskéieren am Joer 2003 ze kommen, dunn ass mer an de Publikatioune vun der sozialistescher Aarbechterpartei an déi, déi hinnen nostinn, duerch e Member vun der sozialistescher Partei entgéint gehale ginn, ech géif „latente Rezessiounsängste schüren", an dat wier och net schwéier, well et wier jo dee Börsekrach ginn, an dofir géif d'Regierung probéieren elo de Leit Angscht ze maache mat der Wirtschaftssituatioun, déi guer net esou schlecht wier, wéi mer se fir d'Joer 2002 an 2003 géife viraussoen. Mir géifen eis beméien de Wuesstum negativ duerzestellen, just well eise Wuesstum elo e bësse méi niddreg géif gi wéi en an deene leschte Jore war.

„Plötzlich knausern sie, unsere Minister, die niemandem etwas gönnen." Dat ass geschriwwe ginn, dräi Deeg ier mer de Budget ugefaangen hunn, an dräi Deeg nodeem mer de Budget fäerdeg haten ass an därselwechter Zeitung geschriwwe ginn, erëm eng Kéier wären d'Steiereinnahme vum Finanzminister systematesch ënnerschat ginn. En hätt also net wäit genuch gesinn am Positiven, e war ze vill kuerzsichteg, well en ze vill realistesch bei der Aschätzung vun de Statseinnahme fir d'Joer 2003 war.

Dofir soll een, wann een hei esou quietschfidel kënnt a sech fir de geballte Sachverstand vun der Weltekonomie dohinner stellt, an hei eng Wirtschaftsoper séngt, an d'Regierung ausgesäit wéi d'Wiener Sängerknaben, déi nach net am Stëmmbroch sinn an nach net géife wësse wat an der Welt lass ass, sech e bësse mat deem beschäftege wat een, et ass nach kee Joer hier, zu all deene Virgäng do geschriwwen huet, an dat war net esou dass dat vun esou enger héichrangeger musikalescher Qualitéit war, dass ech dat eigentlech dauerhaft wëllt nolauschteren, ouni emol eng Kéier op déi Partituren ze verweisen, déi hei nach virun engem Joer an dësem Haus an deene Publikatiounen, op déi ech hei Referenz huelen, virgedroe gi sinn.

Keen aneren an Europa, ech maache jo guer kee Gedeessems domat, mä keng aner Regierung an Europa huet sech net gëiert. Mä keng aner Regierung, awer wierklech keng, a si si jo net alleguer esou reaktionär konservativ biergerlech gefouert wéi Lëtzebuerg, och déi, déi den Driff an hire Programmer stoen hunn, do huet kee säi Budget opkritt fir d'Joer 2002, well d'Zuelen nämlech esou sinn dass se keng Reserven aus der Vergaangenheet haten, well d'Zuelen esou sinn dass se hir Reservefongen net opgestockt haten, well se d'Situatioun hunn dass se méi Sue mussen ausgi fir d'Bezuele vun der Schold wéi fir d'Investissementer fir dat nächst Joer. Mir hunn eis Investissementer vun zwee op dräi Joer, 2002 an 2003, ëm 30% geheicht. Aner Staten hu se ëm 30% gekierzt, an hunn domat d'Ressorte gebrach vun de Wuesstumskräften, wa se erëm eng Kéier an Usproch musse geholl ginn, déi an deenen nächste Jore weider Croissance a weider Gerechtegkeet solle generéieren.

Wa mer déi Politik an de vergaangene Joren net gemaach hätten, an ech froe mech firwat dass d'Leit sech eigentlech net op d'Gemeinsamkeete besënnen, wou se sech eigentlech mat Gemeinsamkeete kënne bretzen, dass mer Fouss bei Mol gehalen hunn, dass mer net alles ausginn hunn, dass mer net drop eragefall si wa gesot ginn ass, de Stat schwëmmt am Geld, dass mer net gesot hunn, wéi am Joer 2000 ech hei annoncéiert hunn, mir hätten aacht Milliarde méi Taxes d'abonnement erakritt, wat eis gäre soe gelooss hätt, nämlech mir missten de Leit déi Suen erëm ginn. Am Tageblatt stong deemools ze liesen: „Die Regierung schwimmt im Geld, Herr Juncker lebt auf unsere Kosten und mit dem Geld das wir Ihm zuviel zahlen." Kee Mënsch huet ze vill bezuelt, et waren déi auslännesch Kapitalgeber, déi d'Kommissioun op der Bank…

***(Interruptions diverses et hilarité)***

Ech wollt eppes iwwert d'Tageblatt soen.

***(Hilarité)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Voilà, dat dote fannen ech gutt.

***(Interruption)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ass kee méi zoustänneg?

***(Hilarité)***

Wann ech kucke wat d'Tageblatt an Ärem Numm, well dat war ee Member vun Ärer Partei d'lescht Joer am Juli, geschriwwen huet, verstinn ech, dass Dir net wëllt ugekuckt ginn, wann een dat virliest. Ech géif dann och an de Buedem kucken a wëlle séier op Distanz kommen zu deem wat do…

***(Interruption)***

Ech hu mam Lëtzebuerger Wort méi e schlecht Verhältnis wéi Dir mam Tageblatt.

Une voix.- Dann iert lech alt net.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech gleewen lech dat.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Also mir wäre frou, wann Dir allen zwee e schlecht Verhältnis hätt.

***(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Wann d'LSAP an d'CSV de Pefferkär net hätten, da wäre se verluer!

***(Hilarité)***

Dofir ass et gutt, dass et och nach Presseorganer gëtt, déi ouni Pressehëllef subsistéiere kënnen. Nëmmen, wann Dir awer elo hei net wëllt hunn, nodeem den Här Lux hei schonn an enger relativ courageierter Ried d'Gewerkschafte kritiséiert huet fir d'Médiocritéit vun dem Tarifofschloss…

War dat net esou?

***(Interruption)***

Dat war mäin Androck. Ech hu mer geduecht: Pass op wat s de op den Teller lees, well du kanns näischt anescht iesse wéi dat, wat virgesat ginn ass!

***(Hilarité)***

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Wann d'Gewerkschaften eng Regierung gehat hätten, déi e bëssen op hirer Säit gewiescht wär, dann hätte se vill méi kënnen erausschloen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Also all Succès, wou an der Tripartite grouss Innovatiounen erauskommen - dat halen ech ausdrécklech fest -, dat ass de Mérite vun der Regierung an net vun de Gewerkschaften.

***(Interruption)***

Jo, voilà, mä Är Äntwert war awer kloer. Dir hutt also net d'Gewerkschafte kritiséiert, mä d'Regierung huet eleng an der Tripartite versot, nodeem d'Gewerkschaften an d'Patronen d'accord waren, dass een eng Rei vun Dispositifen, déi mer d'ailleurs zesumme gestëmmt hunn, nach eng Zäit laang géif verlängeren. Dat war also eng Kritik un der Regierung an net un der Tripartite an net un de Gewerkschaften. Do wär et méi einfach gewiescht Dir hätt direkt gesot et wär d'Regierung gewiescht an dann hätt Dir guer net bräichte vun der Tripartite ze schwätzen.

***(Hilarité)***

Dir hutt awer vun der Tripartite heibanne geschwat, an ech huelen och un dass dat an alle Quartiere vun deenen, déi dorunner bedeelegt waren, opmierksam enregistréiert ginn ass.

Also mat der Tripartite wëllt Dir näischt méi ze dinn hunn. Mam Tageblatt wëllt Dir näischt méi ze dinn hunn. Dir wëllt nach just mam Här Castegnaro eppes ze dinn hunn. Dofir gitt Dir jo och mam Här Castegnaro an d'Wahlen an hien net mat lech, wann ech dat richteg gesinn.

***(Hilarité et interruptions)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Et muss wierklech déif sëtzen, dass Dir esou reagéiert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech gleewen, dass dat lech net gefält, …

***(Hilarité)***

…mä ech hunn lech de leschten Dënschdeg eng Ried gehale vun där ech gemengt hu si géif wierklech jiddferengem gefalen. Si huet jo och deene meeschte Gewerkschaften, Patronatsorganisatiounen an anere gefall.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dat ass einfach.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Et ass natierlech méi liicht den OGB-L zefridden ze stelle wéi d'LSAP.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Jo, ganz genau.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Do gesidd Dir d'Schwieregkeeten, déi op lech zoukommen, Dir Häre.

***(Hilarité)***

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Déi wäerten lech d'Rechnung virum Enn vun der Legislaturperiod och maachen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här Lux, ech mengen, wann den OGB-L Rechnungen ausstellt, da kritt Dir méi Problemer wéi ech.

***(Hilarité)***

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Da waart emol!

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Onofhängeg dovunner, dass ech et gewinnt sinn.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Et sinn nach zwielef Méint.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Et géif een net mengen.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- En Dënschdeg hutt Dir dat och net gemengt, dass et nach zwielef Méint wären.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Firwat?

***(Interruptions)***

Wann dat eng Wahlried war…

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Et war eng gutt Wahlried.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Et war eng gutt Wahlried?

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Si kënnt just ze fréi.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Dat ass natierlech net ze vergläiche gewiescht mat deene staatsmännische Bäiträg, déi Är Fraktioun hei ofgeliwwert huet. Dat ginn ech ganz gären zou, mä ech ka mech jo nach verbesseren, mä Dir net.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Ma jo, gitt lech drun.

***(Hilarité)***

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Mir hunn hei 32 Gesetzesprojeten abruecht an dat huet fir eng gewëssen Onrou gesuergt. Dat féieren ech drop zréck, dass dat a geballter Form geschitt ass, mä dat ass awer eigentlech, wann een dat am Zäitraffer kuckt, näischt anescht wéi dat wat soss och scho geschitt ass, well wann Dir emol kuckt, wat esou virun deene leschten 12 Méint vun enger Legislaturperiod nach alles am Parlament abruecht ginn ass, da vergläicht dat sech, wat mer hei de leschten Dënschden gemaach hunn, duerchaus mat dem Duerchschnëtt vun deem wat a fréiere Periode gemaach ginn ass. Dofir sollt ee sech menger Ansicht no doriwwer net aus der Mooss opgereegt weisen, mä dat als Optrag huele fir eng Rei vu Projeten, déi wichteg sinn - ech hunn der e puer genannt a mengen Interventiounen -, esou séier virunzedreiwen, dass se an engem Zoustand sinn, dass se kënnen d'Gesetzesform unhuelen.

Frou war ech driwwer, Här President, dass vun alle Bänken aus prinzipiell gesot ginn ass, dass dat trotz Wahlried keng Ried war vu Schönfärberei. Dat ass och allgemeng an der Öffentlechkeet esou zréckbehale ginn. Ech hunn drop opmierksam gemaach, dass et ganz schwéier wäert sinn de Budget 2003 am Equiliber ze behalen. Ech hunn drop higewisen, dass ee sech viru béisen Iwwerraschungen net ka sécher wëssen, dass een net viru weideren Abréch gefeit ass. Et kann een also net där Ried ënnerstelle si wär eng, déi d'Leit hätt wëllen op d'Aen drécken. Am Géigendeel, et war eng déi kloer gesot huet, dass wann d'Situatioun sech géif negativ entwéckelen, dass dann déi noutwendeg Moossname musse geholl ginn a si ginn och geholl. An dofir hu mer gläichzäiteg kloer gemaach, dass fir d'Joer 2004 déi klassesch Ausgaben, déi Regierungen heiansdo a Wahljoren afalen, an dësem Budget, dee fir d'Joer 2004 gemaach gëtt, net wäerte figuréieren.

Frou war ech och driwwer dass unerkannt ginn ass, dass an engem Beräich, wou mer bis haut an der Diversifikatioun net ganz erfollegräich waren, en fait och net konnte sinn, nämlech deen am Internet an am Secteur vun dem elektronesche Commerce, dach awer duerch déi zwou weltwäit féierend Firmaen AOL an AMAZON, dass dat awer an d'Kategorie vun de Succèsë muss gebucht ginn, ëmsou méi wou mer jo net eleng ware fir déi Firmen an eis Gefilden ze zéien. Anerer hunn dat jo och probéiert, Déi aus der Kategorie vun deene méi wäitsiichtegen, déi hunn dat och probéiert an et ass hinnen net gelong.

Et kann een dat, bei aller Frëndschaft fir déi déi dat gesot hunn, net dohinner stellen als eng Nischepolitik am ale Sënn vum Wuert. Mir hunn en TVA-Saz vu 15% a mir hunn deen aus guddem Grond.

***(Interruption)***

A wa mer eng TVA vu 15% hunn, wat en niddregen TVA-Saz ass, wat mir haaptsächlech aus soziale Grënn maachen, dann ass et keng onverschämten Ausnotzung vun Nischepolitik, an dat huet d'ailleurs och kee gesot, wann een dee gënschtegen TVA-Saz notzt, fir emol eng Kéier déi indirekt Steieren niewent den Taxes d'abonnement zu engem Standuertvirdeel ze maache fir nei Betriber an eist Land ze kréien.

Wann een eigentlech misst ee refuséieren, dee wéinst enger gënschteger Steierlandschaft an e Land kënnt, jo da musse mer eng aner Steierpolitik maachen. Da musse mer déi erëm an déi aner Richtung bewege loossen.

Dobäi kënnt, dass jo och nach aner Länner niddreg TVAen hunn. Op der Insel Madeira hutt Dir 12% an a Portugal hutt Dir 16%. Duerch Tricken, Kniffen, Gediebels a Gekněchels kommt Der op der Finanzplaz London op indirekt Steierbelaaschtungssätz, déi wesentlech méi niddreg si wéi 15%. Also fir ze mengen déi hätten d'Lupp geholl oder d'Fernglas a gekuckt wou gëtt et 15% TVA an da gi mer dohinner, da wären der scho vill méi hei, wann dat esou einfach géif goen. Also huet ee schonn e bësse mussen noreechen un Argumenter an un Elementer.

Esou Décisioune musse jo an deene Gruppen och déi aner Säit vum Atlantik justifizéiert ginn, fir déi hei a Bewegung ze setzen, woubäi d'Steiere jo mat Ofstand net deen eenzege Grond waren, mä ausdrécklech an de Kommunikatioune vun deenen Entreprisë gesot ginn ass a gesot wäert ginn, dass et och eppes mat de sophistiquéierte Kommunikatiounsréseauen ze dinn huet a mat der gudder Interkonnexioun mat de Réseaue vun deenen anere Länner, wat weist dass an deene leschte Joren, iwwregens net nëmmen an deene leschten dräi, véier Joer, mä dat ass eng Politik, déi scho méi laang geet, déi richteg Investissementsprioritéiten an deem Beräich gesat gi sinn.

Richteg ass, dass déi Betriber net vill Aarbechtsplaze schafen. Richteg ass och, dass mer hei zwee Joer laang gedriwwe gi sinn duerch dëse Sall an duerch öffentlech Zelter, mir géifen ze vill Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg schafen, mir géifen ze séier wuessen. Et mengt ee jo et wär een op enger anerer Welt. Elo wuesse mer net séier genuch, a mir wuessen och net séier genuch, mä d'Regierung stoung jo an der Kritik, dass eist Land ze séier géif wuesse gelooss ginn. D'Regierung soll eppes maache géint deen iwwerdriwwene Wirtschaftswuesstum, géint déi Aarbechtsmaartexpansioun.

An deem Zesummenhang an am Zesummenhang mat eenzelnen Affären, déi d'Chronik défrayéiert huet an deene leschte Joren, ass heibanne vun alle Leit, vun de Gréngen iwwregens scho méi laang wéi vun alle Leit, gesot ginn: D'Prioritéit, déi éischt, kënnt net sinn d'Aarbechtsplazemaximierung, mä d'Prioritéit misst sinn Valeur ajoutée esou an eisem Land bäizefügen, dass et zu wéineg Landverbrauch kënnt, dass et zu enger net absolut noutwendeger Aarbechtsmaartexplosioun kënnt an dass ëmweltschounend kënnt géréiert ginn.

Am Zesummenhang souguer mat der Rentefinanzéierung ass dat gesot ginn, Elementer vu Valeur ajoutée unzeleeën, déi een enges Dags ka besteieren am Kader vun den alternative Fiskaliséierungskonzepter, wat mat der klassescher Multifinanzéierung vun eisem Renten- a Pensiounssystem net méi duer geet.

Et ass genau déi Politik, an déi Politik kann een net an Oppositioun bréngen zu enger Politik, déi par ailleurs drop ofgeriicht ass fir awer nach Aarbechtsplaze besonnesch am industrielle Beräich hei op Lëtzebuerg ze kréien, am industrielle Beräich esou perimetréiert ofge-

stuft wéi ech dat hei gesot hunn. Dat ass keng Politik, déi am Géigesaz zu enger Politik steet, déi doranner ka bestoe fir aus der Kombinatioun vu staatlecher Politik a vu kollektivvertraglecher Politik dofir ze suergen, dass Aarbechtsplazen erhale ginn an doduerch kee Chômage entsteet, respektiv wa Chômage entsteet duerch Aarbechtsëmorganisatiounsmodeller Systemer ze schafen, dass méi Leit, déi keng Aarbecht hunn, un Aarbecht kommen.

Déi Politike si parallell ze féieren, déi sinn net widderspréchlech, déi sinn net kontradiktoresch, déi bewege sech net antinomesch déi eng par rapport zu där anerer, mä déi si complémentaire. Déi eng äntwert op Feelentwécklungen déi mer haten, eng ze séier Expansioun. An déi aner äntwert op Faiblessen déi mer amgaange sinn ze kréien, nämlech en Ofsacke vun dem Beschäftegungsniveau an eenzelne Secteure vun eisen Entreprisen. Dofir ass dat, wat an deem Zesummenhang geschitt, eigentlech eng Politik déi nuancéiert genuch ass, fir ergänzend kënnen déi verschidden Äntwerten ze formuléieren op déi Froen, déi et an eiser Gesellschaft gëtt.

Här President, ech denken dass mer bei de Motioune Geleeënheet kréien op eenzel aner Aspekter vun deem, wat mer hei Etat de la nation nennen, nach anzegoen.

Ech wëll am Résumé soen, dass ech fonnt hunn, dass niewent eenzelnen Dérapagen, déi jiddferengem vun eis a fräier Ried kënne virkommen, awer esou eppes wéi ee Grondkonsens besteet, fir eis net ënnerkréien ze loossen.

Ech hunn heibannen eigentlech keen héiere mat enger pessimistescher Ried, mat enger Ried déi géif als eenzeg Streckenperspektiv de Gang d'Kellertrap erof gesinn. Jiddfereen ass der Meenung, dass dat, wat mer hunn, niewent enger Rei vu Rearrangementer, déi muss gemaach ginn, a senger Substanz muss erhale ginn an dass mer op där Substanz mussen opbauen. An dat huet mech bei aller Verdrëssleghkeet iwwert Divergenzen, déi sech heiansdo an déi Interventiounen eraschläichen, natierlech frou gemaach. Dofir geet d'Regierung aus dëser Debatt an aus dëser Erklärungsdebatt net am Erklärungszwang eraus, mä an der Erklärungsbestätegung.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Statsminister. Fir dësen Débat net auserneen ze rappen, komme mer elo un d'Motiounen, déi am Kader vun dësem Débat deponéiert gi sinn. Et sinn der fënnef. Duerno beschäftege mer eis mat deenen zwou Motiounen, déi de leschten Dënschdeg am Kader vun der Saarautobunn zur Tankstell deponéiert gi sinn. Mir féieren dat separat an huele fir d'éischt déi fënnef Motiounen, déi effektiv am Kader vum Débat deponéiert gi sinn.

***Motion 1***

Déi éischt Motioun ass vum Här Gast Gibéryen deponéiert ginn a betrëfft de Käschtepunkt vun den Investitiounsprojete beim Stat. Mir stëmmen direkt of.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass mat 34 Nee- géint 13 Jo-Stëmmen an 13 Enthalungen ofgeleent.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz (par M. Norbert Haupert), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry.*

***Motion 2***

Mir kommen dann un d'Motioun 2 vum Här François Bausch iwwert d'Lex Greenpeace. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, eis Fraktioun wäert déi heite Motioun stëmmen. Ech mengen dass se eigentlech misst, opgrond vun den Entwécklunge vun deene leschten Deeg an och nach vun haut, vun de Majoritéitsparteie gestëmmt ginn.

No dem Dépôt am Dezember vum dem Projet de loi iwwert den Hausfriddensbroch, nodeem an enger éischter Phas d'Regierung net gewisen huet, dass se bereet wär ee Jota un deem Text ze änneren, huet sech dat opgrond vum Drock vun dobaussen a vun de Parteie verännert, an ech muss éierlech soen, ech sinn aus dem Staunen haut net méi eraus komm wéi ech den Här Mosar héieren hunn zu deem doten Thema schwätzen. Ech hat aussergewéinlecht Gléck all Kéiers an der juristescher Kommissioun mat dobäi ze sinn, wann iwwert deen heite Projet geschwat ginn ass, an do war et ganz kloer, dass vun der Majoritéit, ausser wat d'Héicht vun der Strof ugeet, keng Bereetschaft do war, nach virun engem Mount, ee Jota vun deem Text ze änneren, deen de Justizminister an d'Regierung am Dezember verabschiet haten.

Ech ka mech also nëmme wonneren, wann elo an der Debatt gemaach gëtt wéi wann dat schonn éiweg lwwerleeunge gewiescht wäre vun der CSV a vun der Majoritéit. De Contraire ass de Fall. Ech si frou, dass u sech d'Sturheet sech net schéngt hei duerchzesetzen an dass Argumenter, wa se och Schwieregkeeten hu sech duerchzesetzen, mä wann ee se zéng Mol héiert, dann hunn ech den Androck dass och verschidde Leit an der Majoritéit drop aginn. Dee Revirement, dee sech ofzeechent, dee geet ganz kloer an déi Richtung, dass näischt um Code pénal geännert gëtt.

De Projet de loi, deen d'Regierung agereecht huet, deen dréit den Titel: « …portant introduction d'un nouvel article 442 au code pénal ». Et ass selbstverständlech, dass een net mat Amendementer zu deem Gesetz hei ka viru kommen, mä et muss een neien Text heihinner komm, deen näischt méi mam Code pénal ze dinn huet. Dofir ass et an der Logik fir dee Projet de loi zréck ze zéien, sech dann zesummen ze setzen an ze probéieren iwwer liicht Modifikatiounen am Polizeigesetz haaptsächlech dann dat méiglech ze maachen, wat anscheinend haut net dran ass, wou ech awer selwer nach haut meng Zweifel hunn, ob net eis bestehend Gesetzer dat scho géife méiglech maachen.

Et ass an der Logik vun deene ganzen Diskussiounen a vun deem Revirement vun deene leschten Deeg, dass d'Chamber eigentlech mat grousser Majoritéit misst déi heite Motioun stëmmen.

M. le Président.- Här Minister Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech stelle mat enger gewëssener Satisfactioun fest, och no deene Rieden déi gëschter gehale gi sinn an deenen Interventiounen, déi elo grad gehale gi sinn, datt sech hei ee breede Konsens fënnt fir déi Zilsetzungen, déi d'Regierung vun Ufank u bei deem Projet de loi hat, nämlech der Police ze erlaben dem Stat ze erlaben enger illegaler Besetzung vu Privateegentum en Enn ze setzen.

Ech si frou dat festzestellen, well et ass am Ufank gesot ginn, hei géing d'Meenungsfräiheet ageschränkt ginn. Ech hunn ëmmer gesot, datt dat absolut näischt mat der Meenungsfräiheet ze doen huet, datt jiddferee selbstverständlech an der Vergaangenheet konnt an an der Zukunft ka seng Meenung breet soen, mä datt et net geet datt et zu illegale Besetzunge kënnt op Käschte vun aneren, déi och e Recht hunn, nämlech d'Recht sech do fräi ze bewegen an do hir Aktivitéit ze exercéieren.

Dat war d'Zilsetzung vun deem Gesetz, dat hunn ech à d'itératives reprises gesot an ech soen dat och gären hei nach eng Kéier. Wa mer eis doriwwer eens sinn, well ech hunn net gemengt datt an deene leschte Wochen en Débat an där dote Richtung wär, da sinn ech ganz frou, well dann ass d'Regierung op hirem Wee e grousst Stéck weider komm.

De Stat ass de Garant vun alle Fräiheeten. De Stat ass de Garant am allgemengen Interesse vun alle Fräiheeten, an e muss déi eng an déi aner schützen. An dat ass fir d'Regierung a fir mech als Justizminister e fundamentale Punkt. D'Zil, soen ech hei nach eng Kéier, ass d'Handlungsfäegkeet vum Stat ze erméiglechen. Déi ass haut net ginn. Déi ass och net ginn iwwer Refereesprozeduren, déi net de Stat ka maachen, déi deier sinn, déi eng gewëssen Zäit daueren, och wann d'Geriichter, wéi a verschiddene rezenten Affären, dat ganz schnell maachen. Dat ass eng komplizéiert Prozedur.

Wann de Gros vun den Deputéierten d'accord ass op de Wee ze goen, fir dat Zil ze erreechen, da muss ee kucken ob een dat am Code pénal mécht, an ech hunn ëmmer gesot, eist Zil ass net d'Leit an de Prisong ze setzen, andeem een aner Strofmoossname virgesäit, oder ob een dat am Polizeigesetz virgesäit.

Ech soen Iech just eent, Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Regierung mat engem Projet komm wär fir dat an d'Polizeigesetz ze schreiwen, da wär gesot ginn, ah, déi Regierung do déi wëllt e Polizeistat maachen, an dofir hu mer gemengt, datt deen normale Wee, esou wéi bei der Onverletzbarkeet vun der Wunneng, wär, fir et op déiselwecht Plaz ze schreiwen.

Et muss een och nach erkläre firwat een d'Wunneng an d'Geschäftslokaler an zwee verschiddenen Texter behandelt. Doriwwer kann een diskutéieren. Ech stelle mat grousser Satisfactioun fest, datt d'Argumentatioun, déi mer iwwert déi lescht Woche gefëiert hunn, sech duerchgesat huet. Zum Strofmooss huet d'Regierung ëmmer gesot, datt dat net d'Haaptzilsetzung wär, an iwwer alles aneschters kann een diskutéieren.

Déi Motioun hei kann ech am Numm vun der Regierung an där Form net unhuelen, well déi direkt seet, de Projet misst zréckgezu ginn. Mir sinn hei amgaang eis op e gemeinsaamt Zil zou ze orientéieren, wat ech am Numm vun der Regierung mat Satisfactioun feststellen. Ob een dat ënnert der Kontroll vun der Justiz mécht oder direkt ënnert der Polizei, déi ënnert der administrativer Autoritéit steet, doriwwer muss een diskutéieren, mä dofir kann ech mat där Motioun hei net d'accord sinn. Op dem Wee, deen och de Statsminister an der Erklärung en Dënschdeg virgezeechent huet, an dee conforme ass mat deem dee mer den 23. Abrëll op enger Pressekonferenz gesot hunn, a wat een de 24. Abrëll a sämtlechen Zeitunge konnt noliesen, op deem Wee wäerte mer virugoen, an da fanne mer eng Solutioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll just vun eiser Säit aus ënnersträichen, datt mir an deene grousse Linne mat deem, wat de Justizminister elo virgedroen huet, averstane sinn, datt et soll an déi Richtung goen.

D'Fro déi sech fir eis stellt, dat ass déi, déi de Kolleeg Bodry opgeworf huet, ob een déi Saache kann iwwer Amendement änneren oder ënnert der Form vun engem neie Projet. Esou vill wéi ech weess kann een och en Titel vun engem Gesetz iwwer en Amendement änneren.

***(Interruption)***

Dat mag sinn, mä mir hätte jo awer wahrscheinlech besser, dat ass meng Meenung, well wa mer de Projet elo un d'Regierung zréckginn an déi mécht en neit Gesetz, dann huele mer eis als Parlament am Fong d'Méiglechkeet fir méi mat ze schwätze beim Gesetz, an dofir géinge mir éischter dofir plädéieren, datt een d'Gesetz soll an der Kommissioun vun der Chamber amendéieren, well do sinn da sämtlech Fraktiounen dru bedeelegt. Et géif een dann op deem Niveau versichen ee Konsens ze fannen, an dann d'Gesetz vun der Kommissioun aus amendéieren, dann hätt een éischter de Konsens wéi wa mer elo d'Regierung e Projet maache loossen, wou mer dann herno erëm gären alleguerten eppes geännert hätten.

Dofir stëmme mir och net zou fir de Projet zréckzezéien, sinn awer domat d'accord, datt en an der Chamber bleift an datt en amendéiert gëtt.

M. le Président.- Den Auteur vun der Motioun, den Här Bausch, huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech si frou dass den Här Justizminister sech der Positioun vun der Oppositioun ralliéiert huet fir dat ze iwwerdenke wat en hei déposéiert huet virun enger Rei Wochen.

Ech wëll vläicht nach eng Kéier rappeléiere wat mer an der éischter Justizkommissioun diskutéiert hunn, an do wier ech gäre bereet hei d'Procès verbaux à la lettre duerchzekucken, wat déi eenzel Leit aus der Kommissioun, déi jo och alleguer heibanne versammelt sinn, gesot hunn. An där Kommissioun waren zwee Leit, an dat waren den Här Bodry an ech, déi vun Ufank u gemengt hunn, dass dat hei dee falsche Wee wär, dass dat hei ee Wee wär, deen eigentlech net gëeegent wär fir dat Zil ze erreeche wat d'Regierung sech wëllt setzen an dass dat hei am Endeffekt géing dozou féieren, vu que dass een iwwert d'Strofrecht fiert, dass een zur Ofschreckung kënnt. Well ech mengen, et ass kloer dass wann ech weess dass op enger friddlecher Manifestatioun, op enger friddlecher Besetzung, dass ech do de Risiko lafen, dass ech vu vireran héich Geldstrofe kréien, respektiv esouguer Prisongsstrofen drop sinn, dann ass et kloer, dann iwwerleeën ech mer dräimol ob ech iwwerhaapt dozou iwwerginn eng friddlech Manifestatioun oder Besetzung ze maachen.

Dat ass eppes aneschters wéi dass ee seet, de Stat muss d'Méiglechkeet hu fir wann eng friddlech Besetzung ass, an ech betounen hei friddlech Besetzung, et geet hei nëmmen ëm déi, wa Gewalt am Spill steet, ass souwisou all Moyen do fir ze handele fir de Stat, an ech weess dass ech kann eventuell geraumt ginn, dann ass dat eng aner Saach. Dann huet de Stat jo d'Moyene fir ze handelen, mä et ass awer net eng Ofschreckungsmesure fir déi eenzel Leit fir iwwerhaapt nach dat Instrument vun der friddlecher Demonstratioun oder vun der friddlecher Besetzung ze benotzen. An dat ass de wesentleche Punkt, deen eis vun Ufank un ënnerscheet huet, Här Minister. An dat ass awer dee Punkt, wou mir frou gewiescht wiere wa mer direkt am Ufank an der Kommissioun dat op déi doten Aart a Weis hätte kënnen diskutéieren, an ech muss lech do awer de Reproche maachen, dass der e bësse rabbelkäppeg waart an der Kommissioun a sturkäppeg an deene Wochen duerno an éischter ëmmer erëm op all Pressekonferenz mordicus Äre Projet verteidegt hutt an dass Der einfach net op déi Argumenter wëllt agoen.

An dann, muss ech jo awer soen, de Vull ofgeschoss ginn ass an der Kommissioun, wéi ech deemools d'Propos gemaach hunn, erëm eng Kéier, ganz sachlech a roueg, dass et hei drop géing ukomme fir och mat deene Leit, déi jo betraff si schlussendlech herno vun deem wat hei soll gestëmmt ginn, ze diskutéieren, deenen hir Argumenter emol ze lauschteren an der Kommissioun. Wéi mer den éischten Avis kritt hu vum Maître Spielmann, deen de Mouvement écologique zum Beispill an Optrag ginn huet, wéi dunn an der Kommissioun einfach vum President vun der Kommissioun, dee jo dann haut och Gott sei Dank endlech seng Kéier kritt huet, einfach mordicus refuséiert ginn ass ze diskutéieren. Et ass gesot ginn, éischtens mir emfänken déi Organisatioun net, well mir hunn dat jo virun eis leien, jidderee ka jo liese wat se gesot hunn, an zweetens ass gesot ginn, mir schwätzen de Moment net doriwwer, mir schécken dat Ganzt emol elo bei de Statsrot an da kucke mer emol wat de Statsrot seet an da gesi mer weider an da kann een och eng Kéier hei driwwer schwätzen.

Dat ass de Verlaf gewiescht vun der Diskussioun ronderëm dëse Projet, Här President, an ech muss soen, ech fannen dat bedauerlech. Ech sinn och nach ëmmer der Meenung dass déi Motioun hei eigentlech, wann d'Regierung éierlech wär, am Léifste géing och d'Majoritéit opfuerdere se matzestëmmen, well d'Regierung entre-temps ganz genau weess wat fir e Wee ee muss goe fir dat ze erreechen, wou mer eis alleguer wahrscheinlech jo dann elo endlech vun der Form hier eens sinn, dass dat net de Paragraphe 442-1 vum Code pénal ass, deen ee muss aschloen, mä ganz aner Saachen, a wann een elo dee Projet natierlech oprecht erhält, dat dobäi erauskënnt wat den Här Bodry effektiv an engem Zwëscheruff hei richteg gesot huet, nämlech wann een dat hei amendéiert, dann hu mer e wäisst Blat iwwreg, an dann ass et kloer, da musse mer awer niewendrun en neie Projet maachen.

Duerfir, wann ech gelift, gitt Ärem Häerz dach e klenge Stouss, an da gitt Der zou dass Der dee falsche Wee gewielt hutt, dass Der hutt missen zréckgräifen op dee Wid-

derstand, dee komm ass, op déi argumentativ Schützenhëllef, déi Der kritt hutt, ënner anerem virun allem vun deenen Organisatiounen, déi Der hei wahrscheinlech, och wann Der et vläicht net iwwerflächlech wollt, kriminaliséiert hätt, wann Der dat esou gemaach hätt wéi Der dat virgesinn hat. Gitt Ärem Häerz nach e Stouss an da sot Der, Dir wiert och d'accord dass een dës Motioun ka stëmmen. Ech mengen, da si mer um richtege Wee an da wäerte mer och an der Kommissioun zu engem gudden Ofschloss an deem Dossier hei kommen.

Op alle Fall mengen ech, dass Der der Oppositioun hei am Parlament an och der Oppositioun dobaussen an der Zivilgesellschaft kënnt merci soen, dass se sech esou séier mobiliséiert huet fir lech eigentlech opzeweisen, wat fir e Wee een hei soll aschloen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Mosar, wann ech gelift.

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Här President, ech kann awer déi Aussoe vun de Kolleege Bodry a Bausch net einfach esou akzeptéieren. Ech hunn d'Impressioun, si waren an enger anerer Kommissiounssitzung wéi all déi aner Memberen. Ech wëll nach eng Kéier hei betounen, dass mir vun Ufank un alleguerten, an dat ass jo haut nach eng Kéier confirméiert ginn, iwwert d'Zilsetzung vun deem Gesetzesprojet eigentlech eens waren. Ech hu jo och eng Kéier resüméiert wou mer Divergenze haten. Dat war iwwert d'Weeër fir dohinner ze kommen. Dat hu mer laang diskutéiert an du hu mer notamment no enger oder zwou Diskussiounen an der Commission juridique zum Beispill décidéiert gehat, dass dat Strofmooss absolut inakzeptabel war. Do war grousse Konsensus an der Kommissioun. Mir hunn och gesot gehat, et misst onbedéngt en Zousaz komme fir d'Recht op Streik, respektiv d'Manifestatiounsrecht anzeschreiwen. De Minister war direkt d'accord, dat muss ech awer nach eng Kéier preziséieren, Här Bausch, och doriwwer Amendementer auszeschaffen.

***(Interruptions diverses)***

Neen, Här Bodry, Dir héiert net gären d'Wourecht, an du hu mer gesot, loosst mer awer och elo den Avis vum Statsrot ofwaarden, well et ass jo normal dass ee kuckt wat de Statsrot zu engem wichtege Projet seet.

***(Interruptions diverses)***

Fannt Dir dat dann anormal, dass mir elo hei waarde wat am Avis vum Statsrot steet? Mä wat ech net kann akzeptéieren ass dass hei gesot gëtt, d'Kommissioun wier stur gewiescht, si wier net d'accord gewiescht fir iwwert déi verschidde Weeër ze diskutéieren. Dat ass falsch an, ech mengen, et sinn eng ganz Rei vu Memberen hei aus der Commission juridique, déi dat kënne confirméieren. Dir kënnt alles soe wat der wëllt, mä bleift wann ech gelift bei der Wourecht.

***(Interruptions diverses)***

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Bleift beim Code pénal!

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Mir kommen elo zum Vote vun der Motioun 2.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass mat 40 Nee- géint 17 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz (par M. Nico Loes), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*S'est abstenu: M. Marcel Glesener.*

***Motion 3***

Mir kommen elo zur Motioun 3 vum Här François Bausch iwwert déi natierlech a mënschlech Ressourcë vum Land. Den Här Minister Goerens wollt d'Wuert dozou.

M. Charles Goerens, *Ministre de l'Environnement*.- Här President, d'Regierung kann déi Motioun do unhuele wann déi Gréng d'accord sinn, wann d'Chamber d'accord ass fir folgend Textännerungen ze akzeptéieren. Ech géing der Chamber proposéieren den Dispositif vun der Motioun folgendermoossen ofzeänneren, datt e sech esou liest: „invite le Gouvernement à faire examiner par le futur Conseil de Développement durable", éischtens „l'opportunité d'évaluer les effets…" an da géif deen Tiret bis zum Schluss d'selwecht bleiwen; zweetens „l'opportunité des différentes composantes…" an esou weider, géif och onverännert bleiwen; drëttens „l'établissement - à l'instar du Canada - d'un système d'évaluation…", de Rescht géif och onverännert bleiwen; véiertens „ainsi que l'intégration des coûts environnementaux dans l'établissement du produit intérieur brut".

M. le Président.- Wieren déi gréng Kolleegen domadder averstanen? Da wëllt ech hei froen ob mer déi ëmgeännert Motioun à main lévée kënnen ofstëmmen?

***(Assentiment)***

***Motion 3 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant le souci exprimé par le Premier ministre dans sa déclaration sur l'état de la nation de ne pas gager par notre mode de vie la qualité de vie et les opportunités des générations futures;*

*- considérant que cette responsabilité nous engage non seulement au niveau économique mais également au niveau du capital humain ainsi que celui des ressources naturelles;*

*- considérant l'importance d'une gestion prévoyante des différentes ressources - naturelles, humaines et économiques - du pays, en vue de garantir une qualité de vie et des opportunités de développement maximales aux générations futures;*

*- considérant les multiples effets directs et indirects du développement et de l'activité économique sur les ressources du pays;*

*invite le Gouvernement*

*- à faire examiner par le futur Conseil de Développement durable*

*1) l'opportunité d'évaluer les effets des différentes composantes du budget annuel des recettes et dépenses de l'Etat sur les ressources naturelles et humaines du pays;*

*2) l'opportunité des différentes composantes de la politique financière à la lumière des coûts engendrés par celles;*

*3) l'établissement - à l'instar du Canada - d'un système d'évaluation du développement économique incluant tant les données économiques, qu'écologiques et sociales;*

*4) ainsi que l'intégration des coûts environnementaux dans l'établissement du produit intérieur brut.*

*(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

***Vote par main levée***

Wien ass dofir? Wien ass dergéint?

Et besteet keen Zweifel, géif de President soen, déi Motioun ass also ofgeännert ugeholl.

Mir kommen zur Motioun 4 vum Här Aly Jaerling iwwert déi berufflech Weiderbildung.

***Motion 4***

Här Jaerling, wëllt Der nach eng Kéier d'Wuert dozou huelen?

***(Négation)***

Da kënne mer direkt doriwwer ofstëmmen.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 4 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 4 ass mat 34 Nee- géint 25 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun ofgeleent.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Georges Wohlfart), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombera (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Piere Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz (par M. Nico Loes), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jeannot Belling), John Schummer et Théo Stendebach.*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Da komme mer zur Motioun 5 vum Här Camille Gira iwwert den Tanktourismus.

***(Interruptions)***

Hien huet schonn doriwwer geschwat. Wëllt dozou nach een d'Wuert ergräifen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

***Motion 5***

Da kënne mer och do direkt zur Ofstëmmung kommen.

***Vote***

Wien dofir ass stëmmt mat Jo, wien dogéint ass mat Neen oder enthält sech.

D'Motioun ass ofgeleent mat 39 Nee-, 18 Jo-Stëmmen an zwou Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Jos Scheuer), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean Spautz (par Mme Nelly Stein), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: M. Marco Schank;*

*M. Serge Urbany.*

Domadder hu mer mat de fënnef Motiounen, déi am Kader vum Débat zur Lag vun der Natioun déposéiert goufen, ofgeschloss. Esou wéi d'Chamber virgëschter beschloss hat, komme mer dann haut de Mëtteg zur Ofstëmmung vun den zwou Motioune vun den Hären Nicolas Strotz a Jos Scheuer iwwert de Bau vun enger Tankstell op der Saarautobunn.

Et sief drun erënnert, dass den Här Néckel Strotz seng Motioun vum 14. Mee duerch déi nei Versioun, déi haut de Mëtteg deponéiert gouf,ersat huet. Här Strotz, Dir wollt d'Wuert froen?

## 4. Motions relatives à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Jo.

Här President, wann ech hei am Numm vun de Majoritéitsparteien duerch dës Motioun d'Regierung invitéieren nach virun der Rentrée parlementaire vun 2003 e Projet de loi, deen d'Ëmännerung vum Gesetz iwwert d'Saarstrooss vum 16. November 2001 virgesäit, an deem Sënn ëmzeännere fir op der Saarstrooss eng Tankstell ze bauen, dann aus folgenden Ursaachen.

Eng Tankstell gehéiert op d'Saarstrooss, an dat esou no wéi méiglech zur däitscher Grenz hin, an zwar dowéinst well een eng Tankstell dohinner baue soll, wou de Verkéier ass, an dat ass nun eemol op den Autobunnen, well ee verhënnere muss, dass den Transitverkéier, souwuel de schwéiere Verkéier wéi de Persouneverkéier, vun der Autobunn erof fiert, woumat déi ronderëm leiend Uertschafte staark géife belaascht ginn. Dat besonnesch wann ee weess, dass den Här Transportminister net drun denkt fir eng Réglementatioun ze erloossen, déi dem Trafic lourd en transit géif verbidde vun der Autobunn erof ze fuere fir an déi ugrenzend Uertschaften tanken ze goen, wa keng Tankstell op der Autobunn géif gebaut ginn.

Firwat esou no bei der Grenz? Mä fir den Tanktourismus esou vill wéi méiglech op der Autobunn ze halen an domat déi elo scho katastrophal Situatioun, wéi se elo schonn zu Schengen besteet, ze entlaaschten.

***(Interruption)***

Voilà. Ech mengen, déi Problematik vum Tanktourismus ass wäitgehend hei bekannt. Den Här Premier huet elo éineschters am Kader vun der Diskussioun iwwert d'TVA vun Nischepolitik geschwat. Dat heiten ass och eng Nischepolitik, scho jorelaang, mä wou mer awer frou sinn, dass mer se hunn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Ass dat eng Nischepolitik dat doten?

M. le Président.- Wann ech glift, Här Krecké!

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Dass dës Tankstell esou muss gebaut ginn, dass si sech…

***(Interruption)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Mir géife gäre wëssen, ob dat eng Nischepolitik ass.

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Här Di Bartolomeo, hutt Der elo schonn erëm de Mond opstoen?

***(Hilarité)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Neen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Neen, Här Strotz, ech war et. Ech hunn de Statsminister gefrot, ob dat doten Nischepolitik wier, wéi Dir gesot hutt. Dat ass alles.

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Dass dës Tankstell esou muss gebaut ginn, dass se sech an d'Landschaft integréiert, dat ass evident, an zwar esou dass de Bedenken, déi d'Awunner vun der Gemeng Biermereng an hirer Resolutioun ervirbruecht hunn, Rechnung gedroe gëtt.

Dat heescht, dass esou wéi an hirer Resolutioun steet kee Gestank a Kaméidi hir Liewensqualitéit erofsetzt, keng Gefor fir hir Gesondheet besteet a keng Zerstéierung vum Patrimoine geschitt.

***(Interruption)***

M. le Président.- Wann ech glift, Här Gira!

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Ech mengen, dës Problematik ass an de Grëff ze kréien. Dovunner sinn ech iwwerzeegt an dovunner si mer alleguerten iwwerzeegt, och ons Frënn aus der sozialistescher Partei, déi hei och eng ähnlech Motioun presentéiert hunn.

Ech mengen hei geet et net ëm den Ausbau vum Tanktourismus. Hei geet et drëm, wéi ech gesot hunn, déi bestehend katastrophal Situatioun ze verbesseren ouni engem aneren negativ Impakter opzëerleeën. Dass duerch esou eng Tankstell eis $CO_2$-Emissiounen net erof ginn, dat ass evident. Dofir gesäit d'Motioun och Kompensatiounsmesurë vir, fir am Beräich zum Beispill vun den erneierbaren Energien Efforten ze maachen. Och wann domat d'$CO_2$-Problematik vun der Tankstell net geléist ass, esou sinn ech awer gäre bereet déi

Diskussioun, déi den Här Gira hei ugeschnidden huet, eng Kéier wierklech seriö ze diskutéieren.

***(Interruption)***

Dass de Bau vun dëser Tankstell iwwert e Gesetz soll geregelt ginn, entsprécht de gesetzleche Bestëmmungen. Dass d'Gesetzgebung a puncto Impaktstudien a Kommodosgesetzgebunge respektéiert gëtt, ass evident.

***(Interruption)***

Mir hunn nei EU-Direktive kritt. Dat gehéiert zu deem ganzen Impakt vun der Autobunn an esou soll och déi Infrastruktur hei am Gesetz mat festgehale ginn an dofir hätte mer jo gären, dass d'Gesetz iwwert d'Saarstrooss soll ëmgeännert ginn. A wann déi Aarbechten dann am Gesetz festgehale sinn a si si genau doranner beschriwwen, da kënnt et net zu Interpretatiounsschwieregkeete bei der Ëmsetzung vum Projet.

An deem Sënn ass dës Motioun gehalen, an ech hoffen dass se eng grouss Majoritéit hei an der Chamber fënnt. E Wonsch, deen ech awer nach wéilt ausdrécken, deen awer net an der Motioun festgehalen ass, ass dee fir ze studéieren, dass déi Firma, déi esou eng Tankstell ze exploitéiere kritt, eventuell fir déi Tankstell hire Sëtz an där Gemeng mécht, wou se och hi stoe kënnt, fir dass déi dann och finanziell kann dovunner profitéieren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Scheuer kritt d'Wuert, an dann den Här Rippinger.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn déi zweet Versioun vun der Motioun gekuckt. Ech hu gekuckt wien déi ënnerschriwwen huet an dunn hunn ech awer geduecht: Du traus dengen Aen net. Ech hu mer dunn d'Fro gestallt, wéi ech den Numm vun der Madame Nagel gelies hunn, wien der Madame Nagel dat do ugedoen huet. Wien huet déi Fra vergewaltegt, …

***(Brouhaha général)***

…fir dass hiren Numm ënnert esou en Text kënnt? Oder huet d'Madame Nagel eng Pirouette gedréint no de Landeswahlen? Ech muss einfach virliese wat am Gemengebuet vu Munneref steet, an dee litt jo bekanntlech net. Do steet dran: „Die Beweisführung für eine unabdingbare Notwendigkeit einer solchen Tankstation und Raststätte fehlt."

Déi gëtt et also net. Déi Tankstell ass also net noutwendeg an da steet an deem Gemengeblat, dat ass den Text, dee vum Fraktiounsspriecher vun der DP staamt: „Er widerspricht den Argumenten der christlich-sozialen Volkspartei, laut welchen in Abwesenheit einer solchen Station im nahen Umfeld der Schnellstraße nach dem Saarland eine Zunahme des Verkehrs zu den Tankstationen von Bad Mondorf eintreten würde." Déi heite Motioun seet just de Géigendeel aus vun deem wat an deenen Deklaratiounen do steet a si seet och de Géigendeel aus vun deem wat an den Délibératioune vun 1998, mengen ech, a vum Joer 2001 steet.

Et muss also gutt Ursaache gi firwat d'Majoritéit elo op eemol déi dote Motioun bréngt. An et gi ganz gutt Ursaachen. Déi éischt Ursaach ass, et gëtt Tanktourismus an d'Liewensqualitéit an d'Wunnqualitéit an den Zoustand vun der Natur ënnen am Haff Réimech sinn dramatesch erof gaangen. A wann den Här Gira seet mir kéinten deem ophëllefen andeem mer d'Tankstell net bauen, dann ass dat falsch. Et muss een de Faiten an d'A kucken.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Frot déi Waasserbëlleger, Här Scheuer, wat déi Tankstell op der Autobunn bruecht huet. Näischt! Guer näischt!

***(Interruption)***

M. Nicolas Strotz *(CSV)*.- Den Här Scheuer kennt déi Waasserbëlleger besser wéi Dir.

***(Interruption)***

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Ech erklären Iech dat, Här Gira. Also d'Welt hält net zu Biekerech op.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Si fänkt awer och net zu lechternach un.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Den Tanktourismus ass do an et ass e Fait, dass duerch déi Autobunn méi Verkéier dohinner kënnt. Dat ass ganz kloer a wa mer hei déi Tankstatioun op der Autobunn baue wëllen, dann entscheede mer eis fir le moindre des maux. Esou ass et an net anescht. Dat ass déi eenzeg Solutioun. Där muss een an d'A kucken. Et kann een e schlecht Gewëssen hunn, mä et ass esou. An dat haalt Der net op, och wann Der sot et muss een eng Etüd maachen an doriwwer diskutéieren. Déi ass absolut noutwendeg, mä dat geet net duer. Et muss een nach ëmmer Décisiounen huelen.

Den Ënnerscheed tëschent där doter Statioun a Waasserbëlleg: Waasserbëlleg huet eng ganz grouss Tankstatioun uewen op der Autobunn a Waasserbëlleg huet nach ëmmer ganz vill Tankstatiounen tëschent Mäertert a Waasserbëlleg. Firwat? Jo well, wéi d'Autobunn gebaut ginn ass, keen Opstieg westlech vun Tréier gemaach gouf, dat heescht de Moselaufstieg ass net gebaut ginn. Dat heescht et fiert keen Automobilist vun Tréier duerch Tréier op d'Autobunn fir op der Autobunn ze tanken. Déi fueren alleguerten duerch Waasserbëlleg op déi Tankstatiounen an da fuere se zréck. De Feeler, deen do geschitt ass - an deen ass menger Meenung no net méi gutt ze maachen - ass, dass d'Zoufaarten zu der Autobunn einfach net richteg gebaut gi sinn.

Dat ass den Ënnerscheed. Dat ass d'Wourecht. Et huet näischt mat deem ze doen, wat de Camille Gira elo gesot hutt. Et ass méi komplex wéi esou. Tréier-West ass de Problem vu Waasserbëlleg.

Dann den Ënnerscheed tëschent där Motioun déi mir abruecht hunn an der Motioun déi d'Majoritéit abruecht huet.

***(Interruption)***

Ech si frou, datt d'Kolleege vun der DP dat elo och maachen.

Wann ee Kommodo-Inkommodo gemaach gëtt, deen all deem, wat an där anerer Motioun steet, Rechnung dréit - wat a mengen Aen iwwerflësseg ass, well e Kommodo-Inkommodo huet d'Missioun fir Nuisancen ze minimiséieren -, da gëtt déi Tankstell gutt gebaut, an do hunn ech Vertrauen an d'Ëmweltverwaltung, datt si déi richteg Virschréfte mécht.

Wann déi Tankstell dohinner kënnt, dann ass de Leit am Haff Réimech, an ech sinn iwwerzeegt och an absehbarer Zäit de Leit a Mondorf, selwer gehollef. Wann dat net de Fall wär, da wär dat wierklech traureg, mä ech gleewen net drun aus der Erfahrung eraus.

Mir wollten net mat op de Wee goe fir Gesetzer ze änneren, fir dat heiten ze maachen. Hei geet et ëm Responsabilitéiten, déi ze huele sinn. D'DP-Deputéierten hu se well geholl, bleift den Asproch vun enger Gemeng, net vun engem Buergermeeschter. Wann eppes esou gebaut gëtt, da muss e Plan d'aménagement particulier gemaach ginn, an et ass net de Buergermeeschter deen eleng entscheet, bauen oder net bauen. Do mussen also Leit, déi eng Parteikaart hunn, hir Funktioun als Buergermeeschter, respektiv als Conseiller iwwerhuelen an derfir oder dergéint stëmmen.

Des voix.- Firwat muss een dann eng Parteikaart hunn? Säit wéini ass dat dann?

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Mä an dësem Fall ass et jo awer esou. Net alleguerten, et geet queesch duerch d'Parteien.

Des voix.- Ah bon!

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Déi Responsabilitéit muss geholl ginn. Datt een elo dofir e Gesetz muss änneren, an zwar den Artikel 6 vum Fonds des routes-Gesetz, an esou am Fong d'Gemengen esouguer entmündegt, dat fannen ech net richteg.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Dat ass jo guer net geplangt.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Maacht mer et falsch.

Et ginn zwou Méiglechkeeten. Et setzt een éischtens alles an dat Spezialgesetz, wat een normalerweis brauch fir eng Strooss ze bauen, zweetens seet een am Fonds des routes-Gesetz, datt d'Gemeng keng Autorisatioun méi brauch ze ginn, mä datt duerch dat Spezialgesetz d'Gemeng ausgeschalt ass. Dat wëlle mer net. Do ginn et Précédanten. Wa mer eng grouss Diskussioun kréien, sinn ech iwwerzeegt datt vu menger Partei do och emol drun erënnert gëtt, wéi de Wonsch war fir Buergermeeschteren, déi widerspensteg waren, auszeschalten iwwer Gesetzer, dat ass refuséiert ginn, menger Meenung no zu Recht refuséiert ginn , well jidder Politiker an dësem Land huet awer eng Responsabilitéit ze droen an déi dierf net viru senger Hausdier ophalen. Dat heescht, datt mir déi do Motioun net stëmme kënnen.

Mir sinn och frou, datt een Délai dra steet. An den Ënnerscheed tëschent der Motioun vun der Majoritéit an eiser Motioun ass, datt de Projet net nëmme soll da virleien, mä de Projet soll kënnen décidéiert gi bei der Chambersrentrée vum 14. Oktober an dësem Joer, dat ass den Ënnerscheed, an net einfach e Projet virleeën, deen dann nees aux calendes grecques déi ganz Décisiounen aussetzt, well et kann net sinn datt probéiert gëtt fir heimat iwwert dee Wahltermin eraus ze goen.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Den Här Scheuer war besser wéi den Här Di Bartolomeo.

M. le Président.- Den Här Rippinger huet d'Wuert gefrot.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si fest dovun iwwerzeegt, wann d'Madame Nagel déi Motioun do net ënnerschriwwen hätt, dann hätt si se awer garantéiert ënnerschriwwen nodeem se den Här Scheuer elo a senger Argumentatioun héieren huet.

Ech wëll just nëmme soen am Numm vun eiser Fraktioun, wéi den Här Weiler an ech virgëschter gefrot haten, fir déi Motioun esou wéi se verfaasst war an eng Commission jointe oder an eng aner zoustänneg Kommissioun, wéi och ëmmer, zum Beispill déi vun den Travaux publics ze renvoyéieren, well mer nach wollten e puer Saachen diskutéieren, si mer vun der Oppositioun hei regelrecht néier gebottert ginn a mir krute souguer béiswëlleg Ënnerstellunge gemaach.

Haut, muss ech soen, kann ech bal der Versuchung net widderstoen, dem Här Krecké a senger Equipe vläicht merci ze soen, datt si dee Kaméidi gemaach hunn, well elo sinn nämlech an esou kuerzer Zäit, wéi mer et net fäerdeg bruecht hätten an der Kommissioun, gutt Ameliorationen an deen Text komm duerch eis Fraktioun, datt mer elo absolut kee Problem hu fir se ze stëmmen.

M. le Président.- Den Här Mehlen nach, an dann d'Madame Minister.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ëm dee Problem, dee mer elo diskutéieren, gëtt jo scho laang ronderëm gaange wéi d'Kaz ëm de waarme Bräi, mä d'Fakte si wéi se sinn.

Mir wëssen, datt de Verkéier an deene leschte Joren enorm zougeholl huet, virun allem de Camionsverkéier. Ech wëll an deem Zesummenhang drop opmierksam maachen, datt bis elo, opgrond vun der bestehender Réglementatioun, de Verkéier iwwert déi Achs do erof an eng Richtung gelaf ass an datt de Camionsverkéier, soubal den Trajet op ass, an zwou Richtunge geet. Dat heescht déi, déi elo iwwert d'Tréierer Autobunn den Ëmwee hu misse maachen, sinn zousätzlech op déi Achs do komm.

Et kënnt een net derlaanscht fir festzestellen, datt d'Grenzuertschaften elo scho méi wéi iwwerlaf si mat Autoen, datt et ganz besonnesch zu Schengen zu onméigleche Situatioune féiert, wou Leit soe si bräichte mam Auto eng hallef Stonn fir just duerch dat klengt Dierfche Schengen ze fueren, wa si wëllen op hir Aarbecht oder an de Wéngert fueren. D'Liewensqualitéit vun de Leit huet enorm déi lescht Joren ofgeholl. D'Sécherheet vun de Kanner ass net méi garantéiert wann de Bus do stallhält. Och vum Point de vue Sécherheet ganz allgemeng, dat heescht, aus krimineller Siicht huet et sech déi lescht Zäit och nach verstäerkt. Dat ass esou, ob et engem gefält oder net.

Et ass och net ofzestreiden, datt wann d'Autobunn bis fonctionnéiert an et ass keng Tankstell do, an dee Fall wäert elo antriede wann de Verkéier fräi gëtt, da leeft de Verkéier, awer d'Tankstell ass net do, an dat bréngt ganz sécher zousätzlech Belaaschtungen op déi Uertschaften, wou Tankstelle sinn. Dat ass eng Situatioun, déi ass net ze toleréieren, an och dat Argument, da kéinte si jo op der Aire de Berchem tanken, gräift net. Mir wëssen, datt déi Tankstell zäitweileg schonn esou iwwerlaascht ass, datt et geféierlech ass, datt et Réckstau op der Autobunn gëtt. Dofir, ob et engem gefält oder net, mussen hei Décisioune geholl ginn, an zwar esou séier wéi méiglech.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, et kéint ee mengen, den Här Mehlen wier schonn tanke gewiescht, well en d'Kéier esou séier kritt.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Sou séier! Ech weess net, Här Weiler. Ech mengen, ech wéisst op wat Dir uspillt. Déi Diskussioun, déi war viru fënnef Joer vun alle Säiten.

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Net vun alle Säiten, Här Mehlen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Ech kann lech nëmme soen, ouni d'Zählungen ze hunn, an dat wësst Dir alleguer, huet de Camionsverkéier op allen Achsen an deene leschte fënnef Joer sech praktesch verduebelt, an d'Prévisioune vun der europäescher Kommissioun lafen drop eraus, datt an deenen nächste fënnef bis zéng Joer e sech nach eng Kéier verduebelt, wou mer alleguer awer hoffen, datt dat net antrëtt, well et zu enger onméiglecher Situatioun kéim. Dozou soen ech herno nach e puer Wuert.

Entweder, Här President, mir ginn hin a mir setzen de Präis vum Bensin a vum Diesel erop, datt keen Ënnerscheed méi besteet, …

***(Interruptions)***

…an da schneiden déi Gréng, deenen hiert grousst Elektorat aus der Fonction publique kënnt, Fonction publique, déi zum gréissten Deel aus de Recettë vun deem Trafik do staamt, sech awer ganz sécher an hiert eegent Fleesch, oder mir ginn hin a mir passen d'Tankstelleninfrastruktur de reelle Besoinen un. Mir soe ganz däitlech jo dozou, well de Grenzuertschafte keng zousätzlech Belaaschtung zouzemudden ass.

Et muss awer, an dat ënnersträichen an ënnerschreiwen ech mat zwou Hänn, esou aménagéiert ginn, an dat léisst sech ouni groussen Opwand maachen, doduerch datt een d'Tankstell méi déif leet a mat engem Äerdwall fiert, deen anstänneg beplanzt gëtt, datt déi Uertschaften, déi do am noeste bäileien, praktesch näischt dovun ze spiere kréien.

Et muss och eng Bréck dohinner kommen, datt déi, déi eriwwer tanke kommen, d'Méiglechkeet hunn erëm zréck ze fueren an net mussen e groussen Détour maachen, well si dann erëm erof an d'Uertschaften tanke fueren.

E Wuert zur $CO_2$-Strategie. Dat ass net falsch wat den Här Gira gesot huet, mä ech mengen, do muss awer wierklech och europawäit no Solutioune gesicht ginn, …

Des voix.- Weltwäit!

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Mir hunn an där grousser Welt, mengen ech, net esou vill ze soen, mä mir hunn awer an der EU vläicht eng Stëmm, déi heiansdo gehéiert gëtt.

…datt dach awer méi probéiert gëtt an enger Gesamtstrategie de groussraimege Wuereverkéier op d'Schinn ze bréngen. Ech mengen, dat wär schonn de richtege Wee. Engersäits méi Camione vun der Strooss erof an duerch Schinneverkéier ersat, an op där anerer Säit deene jéinegen, déi mussen tanke fueren, eng adequat Offer op der Autobunn ze ginn a se net forcéieren an d'Dierfer tanken ze fueren.

Ech soe merci, an ech wëll soen datt mir d'Motioun, déi den Här Strotz abruecht huet, géingen ënnerschreiwen, wann hien eis eng Plaz gelooss huet, mä datt mir se op jidde Fall stëmmen.

M. le Président.- Madame Minister wann ech gelift.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Här President, ech si frou datt ech hei an der Chamber iwwert de Prinzip eng zimlech grouss Zoustëmmung fannen, fir datt eng Klärung kënnt an der doter leidiger Fro. Ech weess, datt mäi Virgänger d'Saarstrooss geplangt hat mat der Intentioun fir och eng Tankstell ze implantéieren, well en hat jo d'Viraarbechten an deene respektive Sitë scho gemaach. Et war also e Wëllen do fir eng Tankstell op der Saarstrooss ze maachen.

Ech sinn natierlech der Meenung, datt wann d'Regierung eng Motioun unhëlt, datt se déi och eescht soll huelen a sech och à même muss kënne setze fir dat dann ze exécutéieren. Dat war net de Fall. Dat war net méiglech. Et war nun eemol un Hand vun der Rechtslag net méiglech fir déi Implantatiounen esou ze maache wéi se mat deene respektive Gemenge virdrun diskutéiert gi waren. Opgrond vun där neier Rechtslag, déi jo neierdéngs esou ass, datt wann e Spezialgesetz iwwer e Stroossentracé gestëmmt gëtt, dann d'Equipementer an deem Spezialgesetz och a menger Liesweis musse virgesi sinn.

De Problem, dee mer hei hunn, an ech wëll do op d'Interventioun vum Här Scheuer agoen, et ass mengen ech net an der Intentioun

vu kengem fir d'Gemengen ze entmündegen, mä et ass awer Klärungsbedarf do, fir datt net an deem Moment wou un d'Realisatioun vun esou engem Bauwierk gaange gëtt dann erëm eng Kéier Problemer kommen, déi d'Zoustëndegkeeten net kloer definéieren. An dofir begréissen ech datt hei d'Regierung opgefuerdert gëtt um Fonds des routes-Gesetz en Zousaz ze maachen, deen déi dote Situatioun kläert.

Dat gesot wëll ech drun erënneren, datt leschten Enns och den Transportministère d'Verkéiersregelung op der Saarstrooss ofhängeg mécht vun der Tatsaach ob eng Tankstell op där Strooss ass oder net. Dat heescht, an deem Fall wou den Transit eng Tankstell op der Strooss huet, ka verbuede ginn datt Transitverkéier erof an d'Uertschafte fiert. Dat alles féiert mech dozou fir ze soen, datt mat där Infrastruktur do eng Verbesserung vun der Liewensqualitéit an den ëmleienden Dierfer dierft kommen, awer ënnert der Viraussetzung, datt mer natierlech elo eng Plaz fannen an datt mer déi richteg Nisch fanne fir déi Tankstell dran ze setzen. Dat wäert awer nach net esou séier gelaf sinn, well do ass jo net eleng de Bauteministère zoustänneg. Do muss och den Ëmweltministère seng Zoustëmmung ginn an ech wäert mech jiddefalls beméie fir mat klore Propositiounen deemnächst der Regierung e Projet virzeleeën, an dat dann hei vun der Chamber iwwert d'Ofännerung vum Gesetz vun der Saarstrooss och da begutachten a stëmmen ze loossen.

M. le Président.- Madame Minister, den Här Gira géif Iech nach gären eng Fro stellen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Ech wollt d'Madame Ministesch froen an deem Szenario, dee si elo geschildert huet, mat enger Ëmännerung vum Fonds des routes-Gesetz, ob si dann awer do fir wäert suergen, datt mer endlech virdrun och d'Impaktstudiendirektiv fir de Volet Stroossen ëmsetzen? Well ech huelen un datt mer eis eens sinn, wann Der dat net maacht, da sidd Der erëm am Vide juridique wou der bei der Saarstrooss scho waart, mat all deene Resultater déi Der hutt. Hunn ech richteg verstanen, datt Der dann dofir suergt, ier Der mat deem dote Projet de loi kommt, datt endlech e Projet de loi op den Dësch kënnt, deen dofir suergt datt mer d'Impaktstudiendirektiv fir de Volet Stroossen och zu Lëtzebuerg no 17 Joer wäerten ëmsetzen?

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, ech kann dem Här Gira soen, datt de Bauteministère déi Aarbechten ofgeschloss huet schonn zanter enger längerer Zäit an datt dee Projet zurzäit beim Transportministère läit fir den Zousaz, deen den Transportministère betrëfft. Well Dir kënnt Iech jo erënneren, datt am Werdegank vun der Ëmsetzung vun der Direktiv fir d'éischt emol en Hin an Hier war ob et soll an d'Kommodos-Gesetz kommen. Duerno ass gesot ginn et soll e Spezialgesetz ginn an duerno ass gesot ginn och d'Dispositioune fir den öffentlechen Transport sollen an dat Gesetz dra kommen. An ech denken, datt mer an nächster Zäit wäerten déi Zousätz kréien an da wäert dëse Projet och an d'Chamber kommen.

M. le Président.- Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zum Vote vun deenen zwou Motiounen.

***Motion 1 (nouvelle version)***

Fir d'éischt d'Motioun 1 vum Här Nicolas Strotz.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass mat 41 Jo- géint 5 Nee-Stëmmen an 12 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz (par M. Ady Jung), Mme Nelly Stein, MM. Micolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jeannot Belling), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera (par M. Jacques-Yves Henckes), Gast Gibéryen, Greisen Fernand (par M. Jean-Pierre Koepp), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*M. Serge Urbany.*

***Motion 2***

Mir kommen dann zur Motioun 2 vum Här Jos Scheuer.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, et ass awer esou, datt mam Vote vun der Motioun, déi mer elo just gestëmmt hunn, déi vum Här Scheuer effektiv superfétatoire ass. Dat wat an der Motioun vum Här Scheuer steet, ass an eiser mat dran.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Dat stëmmt net. Mir hu bewosst keng Referenz drop gemaach, datt muse Gesetzer ëmgeännert ginn.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, den Här Bodry suggéréiert mer hei, mir hätten d'Prioritéit fir eis Motioun solle froen. Dat ass richteg an dat wier an dësem Fall wierklech de mise gewiescht, well d'Objete mateneen total iwwerenee klappen. Ech hunn et awer net gemaach, fir net erëm hei de Reproche gemaach ze kréien, mir géifen hei d'Guillotine spille loossen.

Da si mer mol eng Kéier fein, da kritt een dat net unerkannt.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Da kommt mir stëmmen of.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- D'Methode sinn anerer.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ma da bleift bei där gudder Intentioun! Här Weiler, weise gëllt net nëmme schwätzen, seet de Statsminister.

Kommt mir stëmmen driwwer of.

***Vote***

M. le Président.- Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass mat 39 Nee- géint 11 Jo-Stëmmen an 8 Abstentioune verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry).*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz (par M. Ady Jung), Mme Nelly Stein, MM. Micolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*Serge Urbany.*

## 5. Ordre du jour

Ech wollt Iech nach matdeelen, datt déi nächst Sitzunge festgeluecht sinn op den 3. an de 4. Juni. D'Conférence des Présidents huet folgenden Ordre du jour virgeschloen:

En Dënschden den 3. Juni hu mer

1. eng Froestonn un d'Regierung;

2. de Projet de loi 4992, eng Ofännerung vum Code pénal nom Modell 1;

3. de Projet de loi 5072 iwwert d'Organisation judiciaire, och nom Modell 1;

4. de Projet de loi 5097, e Stabilisëierungsofkommes tëschent de Länner vun der Europäescher Gemeinschaft a Kroatien, och nom Modell 1.

E Mëttwoch de 4. Juni hu mer eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Délaie bei de Strofprozesser op Ufro vun der sozialistescher Fraktioun, an dann hu mer d'Questions avec débat; dat sinn der méi d'Questions avec débat – dat sinn der méi – N° 23, 29, 30 an 31 vum Här Henckes iwwert d'Liberaliséierung vum Maart vun den Telekommunikatiounen, vum Gas a vum Stroum.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

***(Assentiment)***

Deem ass esou, an domadder ass d'Sitzung vun haut opgehuewen.

Merci villmools.

***(Fin de la séance publique à 19.43 heures)***

# MARDI, 3 JUIN 2003 — 60E SÉANCE — Présidence: M. Jean Spautz, Président

## Ordre du jour

1. Communications
2. Ordre du jour
3. Heure de questions au Gouvernement :
   - Question N° 300 du 3 juin 2003 de Monsieur le Député Marco Schank au sujet des infrastructures adéquates pour l'a.s.b.l. Luxembourg Air Rescue au Nord du pays, adressée au Ministre de l'Intérieur
   - Question N° 303 du 3 juin 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo au sujet de l'accueil téléphonique des administrés à la Caisse nationale des Prestations familiales, adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse
   - Question N° 304 du 3 juin 2003 de Monsieur le Député Emile Calmes au sujet de l'application de la loi du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'Etat et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique (ASFT), adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse
   - Question N° 305 du 3 juin 2003 de Monsieur le Député Robert Mehlen concernant la construction d'une nouvelle laiterie par l'association agricole LUXLAIT, adressée au Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural
4. Vérification des pouvoirs et prestation de serment de Mme Nancy Arendt
5. Composition des commissions parlementaires et des délégations auprès des assemblées internationales
6. 5097 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et la République de Croatie, d'autre part, et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 29 octobre 2001

   *(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Michel Wolter et Henri Grethen, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.00 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

## 1. Communications

Ech wollt der Chamber Folgendes matdeelen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Par lettre du 22 mai 2003 Monsieur le Député Lucien Lux a informé le Président de la Chambre qu'il désire interpeller le Gouvernement sur les professions de santé.

## 2. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, sief op Folgendes opmierksam gemaach:

1) No der Demissioun vum Här Ady Jung, dee Member vum Statsrot ginn ass, gëtt haut de Mëtteg no der Froestonn un d'Regierung d'Madame Nancy Arendt als neie Member vun der Chamber vereedegt;

2) op Wonsch vun der Regierung an am Averständnis vun de Fraktioune ginn d'Projets de loi 4991 a 5072 op mar e Mëttwoch no der Aktualitéitsstonn verluecht.

Den Här Henckes freet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, ech wollt d'Wuert froen zum Ordre du jour, an zwar wéinst dem Ordre du jour vun e Mëttwoch de Mëtteg. Do sinn dräi Questions avec débat vu mir virgesinn. Et gouf jo décidéiert meng Interpellatioun an dräi Questions avec débat ëmzewandelen. Ech wollt éischtens d'Chamber froe fir déi Questions avec débat, wat d'Liberaliséierung vum Elektresch a Gas ugeet, zesummen ze regruppéieren, well dat deeselwechte Minister ass an déiselwecht Problematik betrëfft.

Den zweete Punkt ass, dass ech wollt froe fir den Ordre du jour bäizebehale wéi en initialement virgesi war, dat heescht dass déi Questions avec débat géingen direkt als Punkt no der Aktualitéitsstonn iwwert d'Délais des procès en matière pénale sollten ofgehale ginn.

M. le Président.- Ass d'Chamber domat d'accord?

***(Assentiment)***

Domadder si mer d'accord. Et ass also esou décidéiert.

Dann hu mer haut de Mëtteg eng Froestonn un d'Regierung. Déi éischt Fro ass d'Fro 300 vum Här Marco Schank un den Här Innenminister iwwert déi néideg Infrastrukture fir de Rettungshelikopter am Norde vum Land. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

## 3. Heure de questions au Gouvernement

- Question N° 300 du 3 juin 2003 de Monsieur le Député Marco Schank au sujet des infrastructures adéquates pour l'a.s.b.l. Luxembourg Air Rescue au Nord du pays, adressée au Ministre de l'Intérieur

M. Marco Schank *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Moment leeft eng gréisser Diskussioun am Norden iwwert déi adequat Stationéierung vun engem vun deenen zwee Rettungshelikoptere vun der Luxembourg Air Rescue mat engem Hangar respektiv ouni Hangar, inklusiv Spritreserven niewent der Clinique St Louis zu Ettelbréck. Et gëtt souguer gefäert, datt den Helikopter definitiv kéint ofgezu ginn, wann deen Hangar net bei d'Clinique kënnt, an domat den Norden e liewenswichtege Pilier vu sengen Noutrettungsdéngschter géif verléieren.

Esou wäit ech weess läit de Moment am Kader vum Kommodo-Inkommodo, fir deen Hangar niewent der Clinique opzeriichten, nach keng Autorisatioun vum Aarbechtsminister vir, par contre hunn ech virun enger Véirelsstonn héieren, dass den Ëmweltminister seng Genehmegung ginn hätt, an déi wär gëschter der Gemeng respektiv der Clinique zougestallt ginn.

Meng Froen un den Innenminister sinn déi heiten:

1. Awéiwäit setzt d'Regierung sech an, fir datt op jidde Fall de Rettungshelikopter bei eis am Norde stationéiert bleift?

2. Wat ass d'Positioun vun der Regierung a puncto Standuert fir den Hangar niewent der Ettelbrécker Clinique, respektiv, wéi vum Schäfferot recommandéiert, op engem alternative Site ausserhalb?

3. Ginn et konkret Négociatioune mat der Luxembourg Air Rescue respektiv mat der Gemeng fir d'Viraussetzungen ze schafen, dass den Helikopter mat sengen noutwendegen Infrastrukturen dohinner stoe kënnt, wou hien a puncto Rettungsasätz méiglechst effikass ass?

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Innenminister Michel Wolter.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op d'Froe vum honorablen Deputéierte Schank wéilt ech äntwerten andeem ech soen, dass selbstverständlech d'Regierung all Efforte mécht déi hir sinn an déi si ka maachen, fir dass den Helikopter vun der Air Rescue am Norde vum Land a méi prezis bei der Klinik zu Ettelbréck bleift. Ech hunn dat schonn zu enger Question parlementaire vum honorablen Deputéierte Loes am Joer 2000 gesot.

D'Regierung huet de 24. November 2000 an hirem Conseil, nodeem den Innenminister an haaptsächlech de Santésminister eng Rei vu Concertatiounsgespréicher virdrun haten, décidéiert de Bau vun engem Hangar fir d'Air Rescue beim Ettelbrécker Spidol mat 80% ze subventionéieren. Domat hu mer eng kloer Ausso gemaach fir de Prinzip an och fir d'Plaz, wou deen Hangar hikomme soll.

Et ass eng Prozedur virgesinn, wann ee wëllt bauen, och fir deen Hangar vun deem heite Site. Am Kader vun där Prozedur si Reklamatiounen erakomm. Déi sinn amgaangen traitéiert ze ginn. Dir hutt richteg héiere virun enger Véirelsstonn, dass den Environnementsminister säin Deel vun der Autorisatioun - et musse jo zwee Deeler kommen - déi lescht Woch ginn huet, an dass d'Inspection du Travail et des Mines amgaangen ass um Dossier ze schaffen an och an deenen nächsten Deeg a Wochen hir Äntwert da wäert matdeelen.

Déi zweet Fro, en alternative Site, mengen ech, hunn ech beäntwert doduerch, dass d'Regierung hiren Accord ginn huet fir de Site, wat eis logesch geschéngt huet fir den Hangar niewent dem Spidol zu Ettelbréck ze implantéieren. D'ailleurs wär de Site Fridhaff fréistens an enger Rei vu Jore méiglech, well do jo déi definitiv Décisiounen, wat de Bau vun engem gemeinsame Pompjeesbau vun de Gemengen Ettelbréck an Dikrech ubelaangt, nach ausstinn.

Konkret Négociatioune si vun eis zur Zäit net noutwendeg. Alles dat wat d'Regierung ze maachen huet an deem Dossier, dat huet se gemaach. Et däerf een net vergiessen, dass d'LAR eng privat Associatioun ass. Et ass kee staatleche Service, esou wéi verschidde Leit heiansdo mengen. Et ass also un der A.s.b.l. Air Rescue fir déi néideg Autorisatiounen erbäizekréien, fir de Bau vun deem Hangar beim Ettelbrécker Spidol dann definitiv kënnen ze maachen. Dozou gehéiert wéi gesot nach d'Autorisatioun oder déi positiv Äntwert vun der Inspection du Travail et des Mines an dann déi definitiv Baugenehmegung vun der Ettelbrécker Gemeng.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 303 vum Här Mars Di Bartolomeo un d'Familljeministesch iwwert den telefoneschen Emfang bei der Caisse nationale des prestations familiales. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

- Question N° 303 du 3 juin 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo au sujet de l'accueil téléphonique des administrés à la Caisse nationale des prestations familiales, adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Kannergeldkeess ass eng vun deene staatleche Verwaltungen, déi am meeschte mat Clienten ze dinn huet. Déi Dossieren, déi se ze behandelen huet, si ganz vielfälteg. Et kommen ëmmer nei Dossieren dobäi, wa mir hei légiféréieren. Mir mengen awer, dass wa mer der Caisse nationale des prestations familiales nei Missioune ginn, wou d'Leit zu Recht uruffen a sech informéiere wëlle wéi de Stand vun den Dossieren ass oder ganz einfach praktesch Froen hunn, da misste se kënnen déi Äntwerte kréien.

Ech zielen Iech elo vun enger eegener Experienz. Ech hat probéiert fir un d'Caisse nationale des prestations familiales ze kommen. Ech hunn insgesamt 75-mol probéiert, well ech gemengt hunn ech misst eng Kéier dach duerchkommen. Ech krut du vun enger léiwer Stëmm ganz gentiment gesot - iwwregens gëtt et op der Keess ganz vill kompetent a gutt Personal, mä et muss ee just un et kommen -: „Well eis Télefonsleitunge regelrecht iwwerrullt sinn, well en enorme Floss op d'Kannergeldkeess kënnt, rode mir Iech eis ze schreiwen oder um Guichet laanscht ze goen." D'Öffnungszäite sinn da gentiment och matgedeelt ginn. Ech krut et dann dunn och nach op Däitsch an op Franséisch gesot an dunn ass agehaange ginn.

***(Brouhaha général)***

Ech sinn also net méi an enger Warteschleif bliwwen. Ech hunn dunn, well mer als Deputéierten an och als fréier Journaliste jo e bësse méi débrouillard sinn, probéiert fir duerchzekommen. Ech hunn dann och, Madame Minister, vun der Sekretärin vum President déi richteg Nummer kritt an ech sinn dunn - oh Wonner - duerchkomm. Ech sinn awer an der Zwëschenzäit mindestens eng hallef dose Mol vu Leit ugeschwat ginn, déi net déiselwecht Chance hate fir déi Nummer ze kréien.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här Di Bartolomeo, stellt Är Fro, well Är Zäit ass schonn eriwwer.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Är Zäit ass och geschwënn eriwwer, Här Weiler, mä Dir wësst et just nach net. Et ass ëmmer schéin, dass Dir mech drun erënnert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- …Dir wäert Iech nach wonneren. Et ass nach ëmmer esou gewiescht: Hochmut kommt vor dem Fall.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, wann…

M. le Président.- Esou äntwert een engem Kolleeg och net, Här Di Bartolomeo, wéi Dir dat elo gemaach hutt.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech wäert dat dann och net méi maachen. Ech wäert mech net méi vum Här Weiler ënnerbrieche loossen. Dofir meng Fro un d'Madame Ministesch.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech weess, dass d'Kannergeldkeess ganz vill sollicitéiert gëtt, mä - an dofir hat ech d'Fro och eigentlech un de Statssekretär vun der Fonction publique gestallt, deen zoustänneg ass fir d'Réforme administrative - wann een d'Réforme administrative an d'Vitrine stellt, wann een en Téléphone vert an d'Vitrine stellt, wann ee regional Biergerbüroen an d'Vitrine stellt, da muss een och dofir suergen, dass d'Leit un déi Büroe kommen, déi se am meeschte sollicitéieren. Dofir d'Fro un de Statssekretär, …

Plusieurs voix.- Ah!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- …déi awer vun der Madame Minister beäntwert gëtt: Wat gedenkt Dir ze maachen, fir dass deen Télefonsservice vun der Caisse des prestations familiales esou ausstafféiert gëtt, datt déi vill Leit, déi do uruffen, och eng Äntwert kréien, wa si se brauchen?

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Madame Familljeminister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Här President, ech wëll vläicht soen, datt déi Question parlementaire vum honorablen Här Di Bartolomeo de Mëtteg um zwielef Auer bei eis an d'Haus erakomm ass, an et dofir net ganz einfach ass fir dem Deputéierten dann ze äntwerten. Vu datt déi fläisseg Leit aus der Keess gewinnt si vill ze schaffen, hu se awer an der Mëttesstonn probéiert fir mer eng Rei vun Äntwerten ze ginn.

***(Interruption)***

Ware se natierlech net um Telefon, dat ass wouer.

***(Hilarité)***

Här President, villes fält bei der Kannergeldkeess un. Ech soen lech just, datt mer eng Etüd maache gelooss hunn, wou festgestallt gouf, datt an 22 jours ouvrables 82.557 Telefonen un d'Kannergeldkeess eragaange sinn. Wann den Här Di Bartolomeo sech kënnt virstellen, wéi een dat kënnt regelen, fir de Leit an dräi Minutten eng Äntwert ze ginn, wat awer total onméiglech ass, well et muss ee jo emol deen entspriechenden Dossier siche goen. Et dauert mindestens eng Véirelstonn. Et ass iwwerhaapt net denkbar esou vill Personal anzestellen, fir kënnen op all Fro direkt eng Äntwert ze ginn.

Et ass ganz schwiereg an net ëmmer evident bei deenen 100.000 Leit, déi aus dem Ausland all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen an déi vläicht en Différentiel zegutt hunn, vläicht eng Allocation d'éducation, oder wat och ëmmer bei all deene Prestatiounen, déi et an der Kannergeldkeess gëtt, ëmmer direkt eng Äntwert ze ginn.

D'Dossieren déi erakomme si meeschtens net komplett, an et ass net un der Kannergeldkeess fir d'Annoncë vun den Naissancen an dem Lëtzebuerger Wort ze kucken oder am Tageblatt, a wann et sech ëm Leit handelt, déi aus dem Ausland kommen, wou dann ee reklamméiert, si hätten elo dat drëtt Kand kritt, an dat drëtt Kand huet en aneren Numm wéi déi zwee Kanner virdrun, kann d'Keess net wëssen, datt si muss en drëtt Kannergeld ausbezuelen.

Et kommen déi onméiglechste Geschichte vir, wou d'Kannergeldkeess iwwerhaapt mol net dervun informéiert gëtt, an dat mécht natierlech d'Liewen net méi einfach.

Mir hu probéiert mat deenen auslännesche Kannergeldkeessen ze verhandelen. Besonnesch mat deene franséische Keesse komme mer gutt virun, well déi jo een eenheetleche System hunn. An Däitschland ass iwwerhaapt näischt ze wëllen, well zum Deel gëtt dat iwwert de Bund gemaach, zum Deel iwwert déi eenzel Länner. Dir kritt do emol net e Verhandlungspartner mat deem Der kënnt doriwwer diskutéieren.

Wéi gesot, mat de Fransouse si mer relativ wäit komm, fir ze soen datt mir als Lëtzebuerger géingen dee ganzen Différentiel virbezuelen, an doduerch de Leit et méi einfach maachen, an d'Keessen herno probéieren ënnerteneen eens ze ginn.

Ech sinn och frou, datt mer vill Verständnis fonnt hu bei de Gewerkschaften, déi jo mat am Comité vun der Kannergeldkeess dra sinn, fir ze probéieren esouwäit wéi méiglech Erliichterungen ze schafen.

D'Keess huet och mëttlerweil eng global Strategie entwéckelt vun der Kommunikatioun, déi amgaang ass ëmgesat ze ginn. Et geet virun allem ëm d'Gestion électronique vun den Dokumenter, wou à moyen terme deen, dee Kannergeld oder eng aner Leeschtung zegutt huet, säin Dossier iwwert den Internet oder iwwer e Serveur vocal ka beäntwert kréien. Och fir dee Serveur vocal ass d'Préétude fäerdeg.

De Moment sinn an der Kannergeldkeess dräi Leit mueres um Telefon an eng Persoun nomëttes, déi ongefeier 50 Kommunikatiounen am Dag kënnen traitéieren, net nëmmen ophiewe mä traitéieren. Et geet jo net nëmmen duer fir ze soen, hei si mer, mä da muss ee jo kucken, datt een deen Dossier fënnt. D'Keess huet zousätzlech aacht Persounen à mi-temps gefrot. Ech sinn dervun iwwerzeegt, datt d'Kolleegen an der Regierung déi Demande wäerten ënnerstëtzen, fir datt mer méi séier bäikommen. Da kënnt derbäi, datt mer och d'Zuel vun de Guichete verduebelt hunn, fir op der Plaz kënnen de Leit méi séier eng Äntwert ze ginn.

Mir hunn och en neie Serveur-Fax installéiert kritt, fir ze verhënneren datt Faxe verluer ginn. Et komme pro Dag 100 bis 140 Faxen eran. Iwwert de klassesche Courrier kommen 1.500 bis 3.000 Bréiwer den Dag. Domadder wëll ech Iech sensibiliséiere fir déi Multitude vu verschiddenen Accèsen, déi an där Kannergeldkeess bestinn.

Wéi gesot, eis Beméiunge si bestänneg an deene leschte Jore virugaangen, fir e bessere Service unzebidden, mä ech weess awer och, datt en net optimal ass an datt en nach vill verbessert ka ginn. Ech kann Iech garantéieren, datt et ee vun de Neel aus menger Doudelued ass, well ech weess datt dee Service sécher kéint besser fonctionnéiere wéi e fonctionnéiert, mä et läit net un deene Leit déi do sinn, et läit un där Vielfalt vu Problemer, déi sech an deenen eenzelnen Dossiere stellen.

Merci, Här President.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 304 vum Här Emile Calmes un d'Familljeministesch iwwert d'ASFT-Gesetz. Den Här Calmes huet d'Wuert.

- Question N° 304 du 3 juin 2003 de Monsieur le Député Emile Calmes au sujet de l'application de la loi du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'Etat et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique (ASFT), adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

M. Emile Calmes *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt der Madame Minister eng Fro stellen iwwert d'ASFT-Gesetz, dat a sech d'Relatioun tëschent dem Stat an deenen Organisatioune regelt, déi am sozialen, familiären an therapeutesche Beräich aktiv sinn.

Ech wollt ganz einfach froen, wéi vill där Agrémenten zënter der Aféierung vun deem Gesetz ausgestallt gi sinn, wéi vill där Organisatioune vu privatem Recht sinn a wéi vill datt der ugefaangen hunn no der Aféierung vum Gesetz 1998?

Den Artikel 24 vun deem Gesetz gesäit och vir, datt déi Organisatiounen, déi méi wéi ee Joer scho geschafft hunn, fënnef Joer Zäit hu fir sech den Dispositioune vum Artikel 2 vum Gesetz unzepassen. An dem Sënn wollt ech froen, wéi vill där Betriber an der Tëschenzäit sech de Konditiounen ugepasst hunn, wéi vill der an der Tëschenzäit nach mat engem provisoreschen Agrément fueren, an ob et eventuell virgesinn ass fir verschiddener vun deenen dëse Provisoire iwwer fënnef Joer ze verlängeren? Op där anerer Säit sinn der ganz bestëmmt och do, déi d'Konditiounen net konnten erfëllen an déi hu missen ophalen. Do wollt ech wëssen, wéi vill dat der wären?

Merci.

M. le Président.- D'Madame Familljeminister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Här President, dat ass elo eng ganz komplex Fro, wou et och net ganz liicht ass fir op d'Zuel hoergenee ze äntwerten, an duerfir wëll ech hei net wetten, datt keen eenzege Service heibäi vergiess ginn ass, mä an där kuerzer Zäit, déi mer zur Verfügung haten, hu mer probéiert den Organismen no et ze kucken, esou wéi den honorabelen Deputéierten et gefrot huet. Dat heescht, een Organisme kann

duerchaus véier oder fënnef verschidden Aktivitéiten hunn, déi ënnert d'ASFT-Gesetz falen. Mir hunn also net déi eenzel Aktivitéiten opgezielt, mä gekuckt wéi vill Agrémentë pro Organisme bis elo ausgestallt gi sinn.

Am Service vun de Personnes adultes sinn dräi Agrémenter, déi conforme sinn zu dem ASFT-Gesetz. Dovu sinn zwee Privatgestionnaires. No dem ASFT-Gesetz ass keen neie Service méi derbäi komm. Et ass nach een eenzegen Agrément provisoire doran. An deem Beräich huet och kee Service zougemaach.

Bei de Foyers de jour sinn et 75 Agrémenter, déi conforme sinn. 67 sinn de droit privé. 33 nei Servicer sinn opgaangen, nodeem datt d'ASFT-Gesetz do ass. Bei 38 ass eng Mise en conformité no 1998 komm. Et si 15 Agréments provisoires de Moment do. Aacht Foyers de jour hunn zougemaach. Esouwäit wéi mer dat awer gesinn hunn, ass dat net gewiescht opgrond vun de Kritäre vum ASFT-Gesetz, mä dacks datt entweder d'A.s.b.l. net méi wollt virufueren, oder awer datt finanziell Problemer waren.

Beim Placement familial si véier Agrémenter do. Dat si véier Privatgestionnaires. Do ass och no den Aktivitéiten näischt Neies méi an deene Servicer derbäikomm. Et ass och kee fortgaangen.

Am Handicapéierteberäich sinn et 19 Agrémenter. Dovu sinn 18 Privatgestionnaires. Et ass keen neien Organisme nom ASFT-Gesetz erakomm. Et sinn der sechs conforme gesat ginn an 13 Agrémenter si provisoire. Do ass och näischt wat zougemaach ginn ass.

24 Jugendhaiser. Do wësst Der wéi de System ass. Et ass eng A.s.b.l. normalerweis, déi se féiert, mä déi awer bezuelt gëtt hallef vun der Gemeng an hallef iwwert de Familljeministère. Do sinn der 13, déi hir Aktivitéiten eréischt non dem Akraaftsetze vun dem ASFT-Gesetz opgeholl hunn. Néng sinn en conformité gesat ginn no 1998. 15 Agréments provisoires sinn do an 10 sinn der en cours. Een eenzegt Haus ass zougemaach ginn.

Bei de Centres d'accueil sinn et aacht Agrémenter, déi conforme sinn. 64 sinn nach en cours. Do si sechs Privatgestionnaires. Et ass och keen neien Organisme derbäikomm. Zwee sinn der en conformité gesat ginn no 1998 a sechs hunn e provisoreschen Agrément.

Bei de Personnes âgées sinn et 133 Agrémenter. Do sinn nach zousätzlech der 63 en cours. 98 privatrechtlecher an 19 Organismen déi nokomm sinn a gefrot hu fir en Agrément ze kréien. 23 sinn en conformité gesat ginn. 89 sinn nach en suspens. Fënnef hunn der zougemaach oder goufen zougemaach.

Bei der Promotion féminine sinn et fënnef Organismen. Et sinn och fënnef Gestionnairë vu Privatrecht. Et ass een zousätzlechen Organisme derbäikomm no dem ASFT-Gesetz, an eng Mise en conformité no 1998. Véier hunn nach e provisoreschen Agrément.

Mir hunn ee Problem, Här President, well dat net nëmmen den honorabelen Här Calmes eppes ugeet, mä virun allem wëll ech op dëser Plaz en Appel maachen. Dat ass, dass mir et dacks ganz schwéier hu fir an de Gemengen déi zousätzlech Donnéeën ze kréie wann déi fënnef Joer eriwwer sinn, wann dann nach déi zwee Joer, well dat huet den Här Deputéierte gefrot, wéi laang dass d'Prolongatioun ass no deene fënnef Joer, déi provisoresch woren, kann een nach zwee Joer kréien, mä da muss een déi Donnéeën eraginn, a wéi gesot, do hunn eis Servicer et ganz dacks schwéier fir eben un all déi Donnéeën ze kommen. Dofir wier ech och frou, wann déi vun Iech, déi Responsabilitéiten an de Gemengen hunn oder soss Gestionnaire vun engem vun esou Servicer wieren, dofir ze suergen, datt mer méiglechst séier déi Demandë kréien oder dat erageschéckt kréien, wat mir selwer brauchen.

Merci, Här President.

M. le Président.- Mir kommen dann elo zur leschter Fro, un d'Fro Nummer 305 vum Här Robert Mehlen un den Här Ackerbauminister iwwert de Bau vun enger neier Molkerei.

D'Wuert huet den Här Robert Mehlen.

- Question N° 305 du 3 juin 2003 de Monsieur le Député Robert Mehlen concernant la construction d'une nouvelle laiterie par l'association agricole LUXLAIT, adressée au Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass jo net fir d'éischt datt iwwert dee Problem vun engem neie Site fir d'Molkerei LUXLAIT, déi eenzeg Genossenschaftsmolkerei déi mer nach zu Lëtzebuerg hunn, geschwat gëtt. Meng Fro geet awer, och wann den Här Minister eis ka vläicht Opschloss iwwert den Erfolleg bei der Sich no engem Site ginn, e bësse méi wäit.

Et ass evident, datt et net nëmme kann drëm goe fir eng nei Molkerei opzeriichten, mä datt een och muss an der heiteger Zäit, wou d'Mäert op sinn a wou d'Konkurrenz vun alle Säiten erakënnt, en tragfäegt Konzept hunn, wann ee wëllt grouss investéieren an e liewensfäege Betrib opbauen. Et ass kloer, datt an dësem Fall d'Agrargesetz virgesäit, datt de Stat sech un deenen Investitioune bedeelegt an engem relativ héije Mooss, an ech mengen och vun dohier ass den Intérêt public an där Fro hei ginn.

Ech wollt dofir den Här Minister Folgendes froen: Wéi gesäit et aus mat engem Konzept fir eng nei Molkerei, elo net vun der Technik hier, mä vun deem méi op de Maart ausgeriicht?

Ass d'Regierung an där Fro ëm hir Mataarbecht, ëm hir Hëllef gefrot ginn? Ech erënnere par analogie drun, datt d'Regierung viru Joren eng Etüd maache gelooss hat iwwert de Secteur vum Wäibau, fir dee méi kompetitiv ze maachen. Par analogie kënnt ee froen, ass d'Regierung hei och gefrot gi fir sech un esou enger Ausschaffung vun engem Konzept ze bedeelegen? Ass se bereet dat ze maache wa se gefrot gëtt?

Meng lescht Fro ass, ass esou e Konzept och d'Viraussetzung fir d'Bewëllegung vun de Bäihëllefen, déi d'Agrargesetz an deem Fall virgesäit?

Här President, ech wollt nach eppes hannendrun hänken. Ech hat, Dir wësst dat, gefrot fir haut dem Här Landwirtschaftsminister eng zousätzlech Fro ze stellen, an zwar geet et do ëm de leschte Stand vun de Verhandlungen um europäeschen Niveau iwwert d'Agrarpolitik, d'Reform vun der PAC.

Et ass en Dossier, dee permanent an Evolutioun ass. Et ass mer awer leider refuséiert ginn, fir déi Fro hei ze stellen, well gesot ginn ass, mir hunn eréischt virun zwee Méint an enger Heure d'actualité doriwwer geschwat. Den Här Minister huet deemools gesot, hie wär bereet à tout moment d'Chamber ze informéieren iwwert de Fortgank vun deem Dossier. Ech bedaueren hei, datt déi Fro haut net zougelooss ginn ass, an ech erwaarden, datt dann op anerem Niveau, wann et net anescht méiglech ass um Niveau vun der Agrarkommissioun, mer Opschloss kréien iwwert den aktuelle Stand vun deem Dossier.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Ackerbauminister Fernand Boden.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Mehlen huet zu Recht gesot, datt et net déi éischte Kéier ass datt mer iwwert d'Problematik vun der Molkerei LUXLAIT hei schwätzen, iwwerhaapt iwwert d'Molkereiwiesen hei zu Lëtzebuerg, an ech mengen datt et kloer ass, datt mer eng performant Molkerei hei am Land brauchen. Ech denken an ech hoffen, datt doriwwer jiddereen eens ass.

Et ass evident, eis Agrarprodukter mussen hei am Land valoriséiert ginn. Mir musse versiche fir hei am Land Mehrwert ze schafen an Aarbechtsplazen, an datt mer net kënnen eis Agrarpolitik dorobber beschränken, fir eis Matière première an d'Ausland ze liwweren, datt se do ka veraarbecht ginn, datt do ka Mehrwert geschaaft ginn, datt do kënnen Aarbechtsplaze geschaaft ginn. Ech géif soen, dat ass ganz sécher net de Sënn an den Zweck vun eiser Agrarpolitik, a mir hu jo schonn eng Kéier gemierkt wéi mer d'MKS dorëmmer haten, datt an esou Krisefäll et ganz geféierlech ass fir ofhängeg ze sinn oder komplett ofhängeg ze si vum Ausland. Dofir, wéi gesot, ass et wichteg, datt mer versichen hei eis Veraarbechtung vu Matière première ze erméiglechen. Dat ass ëmsou méi richteg fir d'Mëllech, well mer wëssen datt déi Lëtzebuerger Réimëllech qualitativ ganz héichwäerteg ass. Dat ass iwwerall unerkannt. Dat ass och net vum selwe gaangen. Déi héichwäerteg Qualitéit ass nëmmen erméiglecht ginn duerch ganz streng a schaarf Kontrollen, an duerch eng ganz gutt Berodung duerch de Beruff an duerch d'Associatiounen.

A vun de Produkter vun der LUXLAIT kann een ouni Zweifel dat nämlecht soen, datt se qualitativ ganz gutt sinn. Si hunn och vill Succès bei de Konsumenten.

Et ass kloer, an ech ginn do dem Här Mehlen Recht, datt et haut awer net méi duer geet fir gutt Produkter ze maachen, et muss een och rationell a rentabel schaffe kënnen, an et muss een och gutt Distributiounskanäl a gutt Marketinginstrumenter hunn. Et ass kloer, datt d'LUXLAIT op hirem heitege Site net optimal a rationell schaffe kann, datt, wa se wëllt investéieren oder aner Projeten huet, ëmmer méi héich Oplage kritt, well se matten an engem Wunngebitt läit. Dat ass awer net hir Schold, well si war virun deene meeschten Haiser, déi haut do stinn, do. Mä Fait ass et, datt se ganz staark ageschränkt ass an hirer Entwécklung op dem aktuelle Site. Dofir ass de Bau vun engem neie Betrib op engem anere Site onëmgänglech, wa se wëllt hir Zukunft ofsécheren. Dat ass net nëmmen d'Meenung vun der LUXLAIT, ech mengen, et ass och d'Meenung vun de politesche Gremien.

Ech wëll awer soen, fir en neie Betrib ze implantéieren op engem anere Site, dat ass méi liicht gesot wéi gemaach. Mir wëssen, datt esou eng Implantatioun mat ganz ville Studien, Problemer, Reklamatiounen a mat laange Prozedure verbonnen ass. Dat ass schonn esou fir en normale Betrib. Et ass ëmsou méi schwiereg fir e Betrib wéi d'LUXLAIT. D'LUXLAIT déi, wéi mer wëssen, mat Liewensmëttel schafft, wou also net all Site sech eegent fir esou ee Betrib. Dee brauch ee groussen Areal, dee muss gutt Uschlëss hunn un d'Energieversuergung, eng gutt Abannung un d'Verkéiersnetz, an e brauch ganz gutt Qualitéitswaasser, wat wesentlech ass fir e gutt Produkt kënnen hirzestellen, an d'LUXLAIT verbraucht och vill Waasser aus Hygienegrënn. Dat bréngt dann och vill Ofwaasser mat sech, wat muss gekläert ginn. Also muss och eng gréisser Kläranlag an där Géigend sinn, wou se sech wëllt implantéieren.

Dat sinn also eng ganz Rei vun Oploen a vu Contrainten, fir esou e Site ze fannen. Dofir sinn och vill Siten an d'A gefaasst ginn, an den Innenminister war esou gentil a senger Qualitéit als zoustännege Minister fir den Aménagement du territoire fir ze soen, mä ech si bereet der LUXLAIT ze hëllefe fir gëeegent Siten ze fannen. En huet en Aarbechtsgrupp agesat wou déi eenzel Ministères och dra vertratt sinn, an déi hu mat der LUXLAIT zesummen eng Rei vu Siten examinéiert. Et sinn der iwwer 20 gewiescht, déi finalement an der éischter Etapp zréckbehale gi sinn. Déi mussen natierlech genee analyséiert an évaluéiert ginn. D'LUXLAIT ass och gefrot gi wou se hir Preferenzen hätt. Dat war am Weste vum Land. Do si fënnef Siten ënnersicht ginn, an do ass da festgestallt ginn, datt am Weste vum Land ganz vill Problemer a Schwieregkeete si wéinst der Kläranlag a wéinst den Offlëss vum Waasser. Dat heescht, datt et wahrscheinlech an där Géigend net geet, esou datt elo sech méi konzentréiert gëtt op de Centre Nord vum Land, also Miersch, Ettelbrécker Géigend, an do sinn de Moment zwee Siten, déi genee solle studéiert an examinéiert ginn. De Problem Kläranlag schéngt sech do net ze stellen. Et muss een also kucken ob déi aner Contraintë kënnen eng zefriddestellend Léisung fannen.

A wéi gesot, d'Regierung ass bereet fir der LUXLAIT, esouwäit wéi et méiglech ass, ze hëllefe fir e Site ze fannen. Mir wëssen datt d'Zäit drängt, et ass wichteg datt schnell eng Léisung fonnt gëtt. Dat wëllt d'LUXLAIT, dat wëllt och ouni Zweifel d'Regierung, an et ass jo och gesot ginn, wann d'LUXLAIT elo e Site festgehalen huet, wann dee feststeet, a se wëllt dorobber bauen, dann ass d'Agrargesetz jo do, an da gëtt et jo d'Méiglechkeet fir do Bäihëllefen ze ginn. Am Agrargesetz an an der Réglementatioun steet och wat fir engen Oploen datt een do muss gerecht ginn, wat fir eng Donnéeën datt ee muss bréngen. Et ass ganz sécher, datt d'Viabilité économique vun esou engem Projet muss nogewise kënne ginn. Mir hunn eng Kommissioun, déi dat genee examinéiert. Et ass och d'Finanzinspektioun mat dran. Ech sinn och ganz averstane mam Här Mehlen wann e seet, datt et net eleng duergeet fir en Neibau ze maachen, dat ass awer préalabel fir kënnen erfollegräich ze schaffen, mä datt een doniewent muss e gutt strategescht Konzept hunn, verbonne mat engem optimale Marketing an eventuell och mat interessante Synergien a Partner, an dat Konzept muss eis net virgeluecht ginn ier emol e Site fonnt ginn ass. Dat Konzept gëtt virgeluecht wann e Projet virgeluecht gëtt wou se wëllt bauen, an da gëtt dat Konzept examinéiert vun Expären. Ech hunn och emol scho gefrot bei der LUXLAIT, ech menge si loosse sech berode vu Bureaux d'études, déi eng Expertise hunn am Molkereiwiesen, mä si kënnen d'Rieder net nei erfannen. Et ass evident, et geet hei ëm ganz substanziell an héich Investitiounen.

Mir wäerten also, wéi gesot, wa mer dat Konzept virgeluecht kréie mat engem Investitiounsprojet, genee examinéieren an och da kucke fir eben de Projet esou ze gestalten, oder nëmmen dann ze subventionéieren, wann d'Viabilité économique dovunner och assuréiert ass.

Voilà, dat zu där doter Fro.

Den Här Mehlen huet gesot hien hätt eng Fro gestallt iwwert d'Diskussioun vun der Agrarreform, fir den aktuelle Stand gewuer ze ginn. Ech weess näischt dovunner, ech muss dat ganz offe soen, datt esou eng Fro sollt gestallt gi sinn, mä ech hu virun e puer Woche mech bereet erkläert zu all Moment an d'Agrarkommissioun ze kommen an och do mat lech zesummen iwwert de leschte Stand ze diskutéieren.

Ech wëll awer och soen, datt ech all Kéiers, wann eng Réunioun zu Bréissel ass, och mat de Journaliste schwätzen, datt dat an der Press erëmgi gëtt, an datt och an Agence Europe, zum Beispill, genee gesot gëtt wat de Stand an d'Meenung vun den eenzelne Memberstaten ass. Déi Meenung huet sech bis elo net geännert par rapport zu deem wat ech lech hei virun e puer Wochen erkläert hunn. Ech sinn awer gäre bereet fir mat Iech doriwwer ze diskutéieren, mä mir wëssen, datt mir elo an der leschter Phas sinn, datt elo ugefaange gëtt ze négociéieren, an da muss een heiansdo kucken, wou ee muss Lest loossen a wou awer wichteg Saache sinn, wou ech drop insistéieren.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Merci.

M. le Président.- Domadder wär dee Punkt ofgeschloss an da kéime mer zu engem anere wichtege Punkt.

## 4. Vérification des pouvoirs et prestation de serment de Mme Nancy Arendt

Mir huelen haut en neien Deputéierten an eis Chamber op.

Den Här Ady Jung ass duerch groussherzoglechen Arrêté vum 15. Mee 2003 an de Statsrot ernannt ginn. Den Artikel 54 vun eiser Verfassung gesäit eng Incompatibilitéit tëschent dem Deputéiertemandat an der Funktioun vun engem Conseiller d'Etat vir. Nodeems den Här Ady Jung den Arrêté de nomination zougestallt krut, huet hien a sengem Bréif vum 27. Mee 2003 matgedeelt, datt hien opgrond vun dëser Incompatibilitéit seng Demissioun als Deputéierten areecht.

Den Artikel 167 vum Wahlgesetz gesäit Folgendes vir: Déi Kandidaten, déi op jidder Lëscht no deene kommen, déi als gewielt proklaméiert goufen, sinn dozou opgeruff d'Mandat vun deenen Deputéierte weiderzeféieren, dat duerch Demissioun, Stierffäll oder aus iergendengem anere Grond fräi gouf. D'Notificatioun vun dësem Opruff un d'Suppléantë gëtt innerhalb vu 15 Deeg duerch de President gemaach.

Den Artikel 8 vum Chamberreglement hält fest, datt de Chamberpresident duerfir suergt, datt dat Deputéiertemandat vun engem Nofolger weidergefouert gëtt an datt de Statsminister doriwwer a Kenntnis gesat gëtt.

A mengem Bréif vum 27. Mee dëses Joers hunn ech mech also un d'Madame Nancy Arendt vu Monnerech gewannt, déi als éischte Suppléant op der Lëscht vun der chrëschtlech-sozialer Vollekspartei aus dem Wahlbezierk Süde steet. An hirem Bréif vum 28. Mee huet d'Madame Nancy Arendt matgedeelt, datt si bereet ass d'Mandat weiderzeféieren, dat duerch d'Ernennung vum Här Ady Jung zum Conseiller d'Etat fräi ginn ass.

Am Artikel 3 Paragraph 1, 4 a 5 vum Chamberreglement steet dat heiten dran. Éischtens: « La Chambre est juge de l'éligibilité de ses membres et de la régularité de leur élection. » Véiertens: « En cas d'admission d'un membre suppléant, la vérification est faite par une commission de sept membres tirés au sort. » Fënneftens: « La Chambre se prononce sur les conclusions de la commission et le Président proclame députés ceux dont les pouvoirs ont été déclarés valides. »

Ech géif duerfir bieden, datt mer elo déi Kommissioun constituéiere wéi se am Artikel 3, Paragraph 4 virgesinn ass. Mir lousen also elo aus wien déi Deputéierte sinn.

D'Kommissioun setzt sech aus folgenden Deputéierten zesummen:

1. den Här Lucien Weiler,
2. d'Madame Nelly Stein,
3. den Här Jacques-Yves Henckes,
4. den Här Jean-Pierre Koepp,
5. den Här Lucien Lux,
6. den Här Jean Colombera a
7. den Här Jean Huss.

Mir géingen d'Sitzung dann elo fir ee Moment ënnerbriechen, fir dass déi Kolleegen, déi elo opgeruff gi sinn, d'Kontroll virhuele kënnen, esou wéi d'Gesetz dat virgesäit.

D'Sitzung ass ënnerbrach.

***(Interruption de la séance publique à 15.38 heures)***

* * *

***(Reprise de la séance publique à 15.47 heures)***

M. le Président.- Déi öffentlech Sitzung geet weider. D'Wuert huet elo de President vun der Kommissioun, déi mer elo grad constituéiert hunn, den honorabelen Här Lucien Lux.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Här President, d'Kommissioun, déi duerch d'Lous zesumme gestallt ginn ass, setzt sech aus folgenden Deputéierten zesummen: dem Kolleeg Lucien Weiler, der Kolleegin Nelly Stein, de Kolleege Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Jean Colombera, Jean Huss a meng Wéinegkeet. Den Här Jacques-Yves Henckes gouf eestëmmeg zu eisem Rapporteur genannt an ech géif lech bieden him d'Wuert ze ginn.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Rapporteur Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR), rapporteur.*- Mesdames, Messieurs, la commission ad hoc m'a chargé de faire le rapport suivant: Par lettre du 27 mai 2003, Monsieur Ady Jung a informé le Président de la Chambre qu'il renonce à son mandat de député en raison du fait qu'il a été nommé Conseiller d'Etat, alors que l'article 54, alinéa 1 de la Constitution déclare que le mandat de député est incompatible avec les fonctions de membre du Conseil d'Etat.

Conformément à l'article 167 de la loi électorale et à l'article 8 du Règlement de la Chambre, les candidats venant sur chaque liste après ceux qui ont été proclamés élus sont appelés à achever le terme des députés de cette liste dont les sièges deviennent vacants par suite d'option, de démission, de décès ou pour toute autre cause.

Le Président de la Chambre, pendant la session, pourvoit à la vacance après en avoir informé le Ministre d'Etat.

Par lettre du 25 mai 2003, Monsieur le Président Jean Spautz s'est donc adressé à Madame Nancy Arendt, premier suppléant sur la liste du parti chrétien-social pour la circonscription du Sud.

Par lettre du même jour il en a informé le Premier Ministre.

Par lettre du 28 mai 2003, Madame Nancy Arendt a fait savoir qu'elle accepte de continuer le mandat de député de Monsieur Ady Jung.

En vertu de l'article 118 de la loi électorale et plus particulièrement de l'article 3 du Règlement de la Chambre, celle-ci juge de l'éligibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.

Notre Commission a eu pour mission de procéder aux vérifications qui s'imposent.

Les élections législatives du 13 juin 1999 ont été vérifiées et validées par la Chambre des Députés le 13 juillet 1999. Des procès-verbaux des résultats des prédites élections il résulte que Madame Nancy Arendt, demeurant à Mondercange, est effectivement le premier suppléant sur la liste du parti chrétien-social dans la circonscription du Sud et vient en rang utile pour occuper le siège devenu vacant suite à la démission de Monsieur Ady Jung.

Madame Nancy Arendt a fait savoir au Président de la Chambre qu'elle accepte de continuer le mandat de Monsieur Ady Jung par lettre du 28 mai 2003.

La Commission conclut à l'unanimité que rien ne s'oppose à l'assermentation de Madame Nancy Arendt et lui souhaite bonne chance dans l'exercice de son mandat de député.

Le dossier qui a été mis à la disposition de la Commission est déposé sur le bureau.

M. le Président.- De Konklusioune vun der Kommissioun no sinn d'Législatioun an d'Reglement op dësem Gebitt respektéiert ginn an deemno kann d'Madame Nancy Arendt den Här Ady Jung ersetzen.

Ass d'Chamber mat de Konklusioune vun der Kommissioun averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da géif ech bieden d'Madame Nancy Arendt erakommen ze loossen.

Madame Arendt, ech géif Iech bieden den Eed ofzeleeën esou wéi en am Artikel 57 vun eiser Verfassung virgesinn ass, dee seet: „Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'Etat." Ech géif Iech bieden déi riets Hand an d'Luucht ze hiewen an ze äntwerten: Je le jure.

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Je le jure.

M. le Président.- Madame Arendt, ech erklären Iech domadder zum neie Member vun der Lëtzebuerger Chamber a wënschen Iech vill Chance.

## 5. Composition des commissions parlementaires et des délégations auprès des assemblées internationales

Nodeem mer d'Madame Arendt als neie Member an d'Chamber opgeholl hunn, komme mer elo zu den Ännerungsvirschléi, déi d'CSV-Fraktioun innerhalb vun de parlamentaresche Kommissiounen an de Vertriedunge bei den internationale Gremië virgeschloen huet:

- Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports:

d'Madame Nancy Arendt ersetzt d'Madame Ferny Nicklaus-Faber fir de Volet „Sports";

- Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement:

d'Madame Nancy Arendt ersetzt den Här Ady Jung;

- Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et Transports:

den Här Marcel Sauber ersetzt den Här Ady Jung;

- Commission des Travaux publics:

den Här Lucien Weiler ersetzt den Här Ady Jung;

- Commission juridique:

den Här Marcel Sauber ersetzt den Här Ady Jung;

- Commission de l'Egalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine:

d'Madame Nancy Arendt ersetzt d'Madame Marie-Josée Frank;

- Commission de l'Environnement:

d'Madame Ferny Nicklaus-Faber ersetzt den Här Marcel Sauber;

- Commission des Comptes:

d'Madame Nancy Arendt ersetzt den Här Nico Loes;

- Commission spéciale „Ethique":

d'Madame Nancy Arendt ersetzt den Här Jean-Marie Halsdorf;

- Commission d'enquête „Transports routiers internationaux":

den Här Strotz ersetzt den Här Ady Jung;

- Conseil interparlementaire consultatif du Benelux:

d'Madame Nelly Stein ersetzt den Här Ady Jung;

- Assemblée parlementaire de l'OSCE:

den Här Fred Sunnen ersetzt den Här Ady Jung.

Ass d'Chamber mat deenen Ännerungen averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mer kommen dann elo zum nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung, d'Diskussioun vum Projet de loi 5097, een Associatiounsofkommes tëschent de Länner vun der Europäescher Gemeinschaft a Kroatien. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Fayot an Henckes. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Emile Calmes.

## 6. 5097 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et la République de Croatie, d'autre part, et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 29 octobre 2001

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense***

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass deen zweeten Accord vun där Zort. Deen éischten hu mer an der Chamber den 8. Mee gestëmmt. Dat war een ähnlechen Accord mat Mazedonien. Am Prinzip sollen et där Accordë méi ginn, an zwar nach mat Albanien, Serbien a Bosnien-Herzegovina. Do hunn awer d'Verhandlungen nach net ugefaangen.

Déi Accordë baséieren a sech op enger Décisioun vum Conseil Affaires générales vun der Europäescher Unioun vun 1997, wou a grousse Linnen eng Strategie duergeluecht ginn ass, fir d'Situatioun an der Regioun vum Balkan ze stabiliséieren, an deem Sënn dass de Fridde soll consolidéiert ginn, dass et zu méi Stabilitéit an där Regioun kënnt a virun allem awer och zu engem wirtschaftleche Redressement.

An deem Sënn ass 1999 säitens der Europäescher Unioun ee Stabilitéits- an Associatiounsprozess an d'Wee geleet gi fir déi Länner, déi ech virdru genannt hunn. D'Iddi vun dësem Prozess baséiert a sech op der Integratiounsperspektiv an d'Europäesch Gemeinschaft, an et ass och dës Perspektiv, déi den Haaptureiz soll si fir dës Länner, fir bei sech déi Reformen duerch ze féieren, déi et da méiglech maachen an d'Europäesch Gemeinschaft eranzekommen.

D'Conseilen zu Köln an zu Feira hunn och décidéiert, dass déi Länner sollen als potenziell Kandidate fir eng Adhésioun an d'Europäesch Unioun zréckbehale ginn. Dat natierlech à terme. An deem Sënn kann een der Europäescher Unioun op d'mannst de Reproche net maachen, se hätt net fréi genuch dermat ugefaangen, dass déi Länner sech kënnten op eng Adhésioun an d'Europäesch Unioun preparéieren.

Dëse Prozess gëtt konkret mat dësem Stabilitéits- an Associatiounsaccord ëmgesat, mat deem déi Parteien, déi dësen Accord ënnerschriwwen hunn, sech engagéieren zur institutioneller Stabilitéit vu Kroatien an der Regioun bäizedroen duerch méi Demokratie, duerch de Renforcement vun den Institutiounen, duerch eng Reform vun der öffentlecher Verwaltung, duerch d'Entwécklung selbstverständlech vum Commerce a virun allem awer och duerch eng Kooperatioun am Domän vun der Justiz a vun den Affaires intérieures, wat fir Kroatien vläicht wichteg ass.

D'Objektiver vun dësem Accord sinn e Kader ze stelle fir e politeschen Dialog an d'Efforten ze ënnerstëtzen, déi Kroatien mécht fir d'international an d'wirtschaftlech Kooperatioun auszebauen, andeems se awer och hir Législatioun un déi vun der Europäescher Gemeinschaft lues a lues adaptéieren, dat heescht den Acquis communautaire iwwerhuelen.

D'Länner aus der Europäescher Unioun an d'Unioun selwer solle Kroatien méi e liichten Iwwergang an eng fräi Maartwirtschaft erlaben. Virun allem soll et dann och an deem Eck zu enger regionaler Kooperatioun kommen. Deen Accord hei baséiert op dem sougenannte CARDS-Programm, wat a sech ee Programm ass, dee fir d'Jore 2000 bis 2006 4,65 Milliarden Euro zur Verfügung stellt fir déi al Infrastrukturen an dëse Länner, déi duerch de Krich futti gemaach gi sinn, wéi Waasser, Elektresch an Energie, erëm opzebauen. An Zwëschenzäit sinn dës Gelder awer éischter an Direktioun vun enger wirtschaftlecher Entwécklung dirigéiert ginn. Déi Gelder, déi hei fräi gesat ginn, gi vun der Agence européenne pour la reconstruction géréiert.

Et ass virgesinn an deem Accord hei datt Kroatien soll sechs Joer Zäit kréie fir sech un eng nei Situatioun ze adaptéieren an esou d'Méiglechkeet ze kréien an d'Europäesch Gemeinschaft eranzekommen. No deenen Informatiounen, déi ee kritt huet, soll et awer esou sinn, datt d'Kroate keng sechs Joer brauche fir d'Konditiounen ze erfëllen, déi an deem Accord hei festgehale sinn, mä nëmmen dräi Joer, an hiren Ausseminister huet viru kuerzem och deklaréiert, datt se nach am Laf vun dësem Joer hir Demande wäerte maache fir an d'Europäesch Unioun eranzekommen, a si rechnen dann dermat datt se den 1. Januar vum Joer 2007 kënnen erakommen.

Effektiv ass Kroatien dat Land, dat no Slowenien an deem Raum do awer am wäitste fort ass. Si selwer hunn deen Accord hei 2001 ratifizéiert. Et si jo fënnef aner Länner vun der Europäescher Unioun, déi och dësen Accord ratifizéiert hunn. Et hunn awer zwee Länner dee Prozess hei op Äis geluecht, an dat sinn England an Holland. D'Ursaach ass net déi, datt d'politesch Stabilitéit an deem Land do net garantéiert wier. Et muss ee soen, datt Kroatien an deem Sënn um gudde Wee ass sech awer zu enger Demokratie ze entwéckelen. Et ass och net d'wirtschaftlech Entwécklung déi d'Ursaach ass.

Kroatien ass, wéi gesot, no Slowenien dat Land, dat sech am beschten entwéckelt huet. Et hat d'lescht Joer e Wuesstum vun ongeféier 5%. Dir wësst alleguer firwat datt dat ass. Dat ass haaptsächlech den Tourismus deen dozou bäidréit, an och mir zu Lëtzebuerg wëssen dat. Et muss een allerdéngs soen, datt de Chômage mat 14,5% awer nach relativ héich ass. Mä d'Haaptursaach ass déi, a wéi soll et schonn anescht sinn, d'Vergaangenheetsbewältegung vun de Kroaten. D'Kroate sollen net schrecklech kooperativ si wat d'Zesummenaarbecht ugeet mam internationale Strofgeriichtshaff, deen agesat ginn ass, fir déi Krichskriminell a sech vun Ex-Jugoslawien ze jugéieren. Dat wier awer absolut noutwendeg, wann e Land wéi Kroatien, wat jo och Member vum Conseil de l'Europe ass, hei méi Kooperatioun géif weisen. Ech mengen, datt d'Krichskrimineller zur Rechnung gezu musse ginn, ass absolut néideg. Am anere Fall kann et, mengen ech, an dëser Regioun net zur Rou kommen. Nëmmen dat do kann och dozou bäidroen, datt et zu enger stabiler Situatioun am Balkan kënnt.

An der Hoffnung, datt d'Kroaten dann an Zukunft méi kooperativ och op dësem Domän sinn, géif ech lech dann awer invitéieren deem Gesetz hei Ären Accord ze ginn an ech géif och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei bréngen an lech merci soe fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu dësem Text ass elo vum Rapporteur, dem Här Calmes, quasiment alles gesot ginn. Ech wëll him merci soe fir säi Rapport an hunn am Fong technesch näischt zousätzlech ze soen. Ech wëll just eng kuerz Remarque maachen, eng Remarque déi ech och scho viru 14 Deeg gemaach hunn an ähnlecher Form iwwert deen Text, dee mer sengerzäit iwwer Mazedonien gestëmmt hunn.

Ech denken, datt et hei sécherlech en techneschen Text ass, an en Associatiounsaccord, deen esouwuel eng communautär Kompetenz wéi eng national Kompetenz huet, ass noutgedrongenerweis ëmmer en techneschen Text. Mä ech denken, datt bei dësem Text iwwert d'Technicitéit eraus eng sécherlech symbolesch Valeur hannendru stécht, déi en am Fong méi wichteg mécht, wéi déi Wierder oder wéi déi Sätz, déi an deenen eenzelnen Artikelen do stinn. Firwat?

Mä dat wat wichteg ass, dat sinn am Fong d'Objektiver, déi mat deem Gesetzestext wéi deem hei wëllen erreecht ginn. Fir d'éischt d'Institutionalisatioun vun engem politeschen Dialog tëschent der Europäescher Gemeinschaft engersäits, Kroatien anerersäits.

Zweetens de Rapprochement, selbstverständlech fir d'Législatioune vu Kroatien mat der Législatioun vun der Europäescher Unioun ëmmer méi no ze bréngen.

Drëttens d'Hëllef och u Kroatien fir déi lescht Etapp zur Maartwirtschaft dann och esou ze maachen, datt dat Land éischtens ekonomesch stabiliséiert gëtt an datt och den Handel tëschent Kroatien engersäits an der Europäescher Gemeinschaft anerersäits an Zukunft, wéi dat an der leschter Zäit war, och ka korrekt, besser an der ganzer Zone de libre marché lafen. Dat heescht ganz einfach, lues a lues Kroatien méi no un d'Europäesch Unioun Schrëtt fir Schrëtt eruféieren.

Dat ass wichteg fir eng wirtschaftlech Stabilisatioun do hannen ze erreechen an deen, deen d'Geschicht vun deene leschten 20 Joer a Süd-Ost-Europa kennt, dee weess wéi schwéier dat ass an dee weess dann och gläichzäiteg, wann e weess wéi schwéier et ass, wéi wichteg et ass fir dat an dee-

nen nächste Jore fäerdeg ze bréngen.

An zweetens awer och, well mer wëssen, wéi vill Hoffnung a sech dee Rapprochement mat der Europäescher Unioun a Länner wéi Kroatien an all déi Länner, déi ronderëm sinn, a sech suscitéiert. An heiansdo wann ech gesinn oder wann een héiert wat fir en Enthousiasmus oder wat fir eng Attraktivitéit d'Europäesch Unioun an deene Länner ausübt, da muss een au contraire denken un all dat wat heiansdo bei eis oder ronderëm Lëtzebuerg un EU-Skeptizismus ausgedréckt gëtt vun deene Länner, déi neierdéngs am Old Europe sinn, wéi et heescht, an dass a sech bei deenen engen, déi nach net dra sinn a wëllen dohinner kommen, eng Hoffnung fir dohinner ze kommen, a bei ganz ville Länner, déi schonn u sech dru gewinnt sinn, e gewëssene Skeptizismus, deen am Fong geholl onerklärbar ass, well d'Attrakvitéit déi Europa huet op Länner, déi net an Europa sinn, ass a sech a mengen Aen de beschte Bewäis datt Europa eppes bitt, wat mir eis, déi scho laang do dra sinn, net ëmmer méi bewosst sinn, wat et eis bréngt. Eng Hoffnung op Stabilitéit a wirtschaftlechen Opschwonk, obwuel ech mech froen, ob déi Hoffnung heiansdo ëmmer esou berechtegt ass an ob mer alles kënnen dat bréngen, wat déi Länner erwaarden, an da selbstverständlech och eng Hoffnung op politesch Stabilitéit an op Fridden.

Dësen Text, denken ech, ass sécherlech e wichtegen Text fir Kroatien wéi et ee fir Mazedonien war, well en de Wee opmécht fir méi no un d'Europäesch Unioun erun. Et ass awer och en Text, dee wichteg ass fir d'Europäesch Unioun, an domat fir Lëtzebuerg, well et sécherlech vun Intérêt ass, datt eng Regioun vun Europa, an där hirer Geschicht net vill Stabilitéit am leschte Jorhonnert war an déi oft Europa selwer Onstabilitéit bruecht huet, an e Prozess erakënnt, deen dat soll mat sech bréngen, wat an deene leschte Joren an där Regioun esou oft gebraucht gi wär, dat heescht Stabilitéit a Fridden.

Et ass evident, datt d'CSV-Fraktioun och dësen Text wäert stëmmen an ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, dëst ass wuel, wéi den Här Wiseler gesot huet, zum Deel en techneschen Text, mä et ass och en héich politeschen Text. Ech muss allerdéngs bedaueren, dass keen aus dem Ausseministère, mat allem Respekt, deen ech natierlech fir den Här Schaack hunn, an der Chamber present ass fir esou eng Konventioun, déi méi ass wéi eng Konventioun. Ech soen Iech och firwat dass ech nawell gär gehat hätt, wann d'Madame Ausseminister bei ons gewiescht wier.

Den 20. an 21. Juni ass zu Thessaloniki e Conseil Européen, an do gëtt dee Conseil Européen ënner anerem mat engem weidere Programm konfrontéiert fir déi fënnef Länner vum Westbalkan. Dat ass e Programm deen nach weider geet wéi deen Accord de stabilisation et d'association mat zwee vun deene Länner, déi mer jo bis elo hei an der Chamber haten, an ech wär nawell interesséiert gewiescht fir ze wësse wat d'Regierung dozou seet. Et geet ënner anerem do zum Beispill ëm eng weider Hëllef fir de West-Balkan vun 200 Milliounen Euro tëschent 2004 an 2006. Et ass eng budgetär Décisioun, déi an der Europäescher Unioun muss geholl ginn. D'griichesch Présidence proposéiert 300 Milliounen Euro, an et wär interessant ze wësse wéi wäit d'Lëtzebuerger Regierung do wëllt matgoen.

Här President, mir sinn hei voll an der Problematik vun der Erweiderung dran. D'Regierungen hu jo décidéiert, datt den 1. Mee 2004 weider zéng Länner bei déi 15 kommen, dass mer dann zu 25 sinn. Am Joer 2007 sollen der zwee weider derbäi kommen, Bulgarien a Rumänien. Déi Associatiouns- a Stabilisatiounsaccordë mat deene fënnef Länner vum West-Balkan gi vun der Kommissioun a vum Conseil Affaires générales ganz kloer als eng éischt Etapp gesi fir déi weider Erweiderung vun der Europäescher Unioun no deene 27 Memberen, déi dann am Joer 2007 dobäi komme sollen. Mir sinn also do schonn iwwer 30 an dat ass natierlech eng héich politesch Ugeleeënheet, wann ee kuckt wéi sensibel de Problem vun der Erweiderung haut scho vun de Leit gekuckt gëtt.

Dir wësst, datt den Ausseminister vu Kroatien, den Här Tonino Picola, hei zu Lëtzebuerg deklaréiert huet, datt säi Land wëllt an d'Europäesch Unioun kommen, esou ëm d'Joer 2007. Kroatien wëllt prett si fir d'Erweiderung, also fir de Bäitrëtt an d'Europäesch Unioun zur selwechter Zäit wéi Bulgarien a Rumänien. De Minister huet och gesot, dass se virum Summer 2004, also mir sinn am Présent, mir sinn net an der Zukunft, mir si wierklech am Présent, hoffen, dass d'Kommissioun géif hiren Text iwwer Kroatien publizéieren an dass dann eng Décisioun géif komme fir d'Négociatioune fir d'Adhésioun ze décidéieren.

Dir wësst, dass Kroatien formell déi Kandidatur zu Athen, den 21. Februar bei der Présidence hannerluecht huet. De Commissaire, den Här Patten, huet gesot et bräicht ee Joer ongefëier fir déi Meenung vun der Kommissioun ze schreiwen, an de Conseil huet iwwregens d'Kommissioun formell elo opgefuerdert, fir de 14. Abrëll 2003 mat där Aarbecht unzefänken.

Dat also fir ze soen, datt mer hei an der Problematik vun der Erweiderung sinn.

Et sinn hei e puer wichteg Saachen iwwer Kroatien gesot ginn. Ech wollt och soen, datt dem Här Calmes säi Rapport den Tour vun de Froen alleguerte mécht an op déi Manéier en excellent Bild gëtt vun deem wat muss zu deem Land gesot ginn. Ech wollt e puer Punkte vläicht just méi staark ënnersträichen.

Deen éischte Punkt, dee ganz sensibel ass, ass d'Zesummenaarbecht vun deem Land mat dem internationalen Tribunal vun Den Haag iwwer Jugoslawien. Et ass jo gewosst, dass Kroatien, wat e Land vun dem Europarot ass, trotzdeem ganz laang seng Krichsverbriecher geschützt huet. Dat heescht also, dass et net esou mat dem Tribunal zesummegeschafft huet wéi ee sech dat hätt kënne wënschen.

Wuel ass, säitdeem den Här Tudjman, dee fréiere President, de Pouvoir verlooss huet - hien ass jo 1999 gestuerwen -, den Dialog besser gi mat deem Tribunal, mä et muss ee soen, dass nach munches do ze maachen ass. A wéi et jo virdrun och gesot ginn ass, ginn et zwee Länner, Groussbritannien an Holland, déi déi Accordë bis elo agefrueren hunn, well se net zefridde si mat der Haltung vun de Kroaten, wat den Tribunal ugeet.

De Minister huet gesot, dass natierlech nach eng Partie Froen op sinn an där Zesummenaarbecht, mä allgemeng gëtt awer déi Haltung vu Kroatien als e bësse méi wootlech ugekuckt wéi een dat kënnt vun engem Land, wat demokratesch wëllt ginn an an eng demokratesch Communauté wëllt eragoen, erwaarde kéint.

Dir wësst och, dass den zukünftege Bäitrëtt - dat ass en aneren Aspekt, deen ee muss bei där Erweiderungsprozedur gesinn - vu Kroatien ganz besonnesch vu Griichenland a vun Italien favoriséiert gëtt.

Mir sinn hei mat Kroatien a mat deene véier anere Länner an enger Géigend, wou grouss Problemer vun Immigratioun sinn. Déi zwee Länner, besonnesch Griichenland an Italien, hunn en Intérêt, dass déi Länner an der Europäescher Unioun sinn, fir eben déi Awanderungsflëss do besser ze kontrolléieren.

A Kroatien selwer besteet eng relativ grouss Begeeschterung fir an d'Europäesch Unioun eranzekommen. 2002 war do e Sondage iwwert d'Zoustëmmung vun de Kroaten zu der Europäescher Unioun. Dee Sondage war grosso modo positiv. Wat awer interessant ass festzestellen, dat ass dass eng vun deene Schwieregkeeten, déi d'Leit a Kroatien mat der Europäescher Unioun hunn, déi wär, datt se forcéiert géife gi mat anere Länner an der Regioun zesummenzeschaffen. Déi Léift zwëschent deene Länner ass also och nach net déi ganz grouss.

Wat de politeschen a wirtschaftlechen Zoustand vu Kroatien ugeet, esou muss een och nach soen, dass Kroatien ugefaangen huet eng grouss Partie Reformen ze développéiere fir sech op den Niveau vun der Europäescher Unioun ze bréngen. Kroatien ass 2000 zum Partenariat de la paix bäigestouss an huet och an deemselwechte Joer eng Demande d'adhésion fir d'NATO gemaach. Et ass allerdéngs esou, dass all déi Mouvementer net kënne weider gezu ginn, wann net ganz kloer ass, dass Kroatien d'Minoritéite respektéiert an och de Retour vun de Réfugiéë favoriséiert, wat bis elo nach net geschitt ass.

Wirtschaftlech gesinn ass jo Kroatien e Land, wat relativ no bei den europäesche Standarden ass, mä et gëtt do nach vill Strukturreformen ze maachen. Eng ganz Partie vun deene risegen öffentlechen Entreprisë sinn nach net privatiséiert ginn an de Budget ass andauernd am Defizit. Do muss dat Land och méi Rigueur weisen. En plus kënnt dobäi, dass eng ganz Partie Problemer vu Korruptioun bestinn, déi d'Kroaten och nach net an de Grëff kruten.

Här President, mir musse menger Ansicht no, wat dëst Land ugeet, wat dësen Accord de stabilisation et d'association ugeet, deem mer jo zoustëmme wäerten, dës Zoustëmmung awer mat e puer Remarke begleeden.

Engersäits solle mer - dat ass op jidde Fall meng Meenung - kloer eise Regierunge soen, dass ee bei der Erweiderung, nodeem dass mer op 25 d'nächst Joer kommen, emol soll eng Otempaus aleeën. Eng Unioun wéi d'Europäesch Unioun kann net a kuerzer Zäit vu 15 op iwwer 30 klammen, well vu 15 op iwwer 30 heescht, dass déi Unioun eng ganz aner Natur kritt. Hir Entscheedungsmechanismen an hir Institutiounen sinn domat komplett iwwerfuerdert. Ech hätt dat wierklech gären der Madame Ausseminister de Mëtteg hei an der Chamber coram publico gesot, well et wierklech net si kann, dass zum Beispill d'Kommissioun elo erëm eng Kéier drop pocht, dass déi Adhésioun esou séier wéi méiglech geet.

Ech mengen, déi eenzel Länner hunn am Conseil européen, am Conseil affaires générales hir Responsabilitéit, an déi musse se och politesch huelen. Well ech soen Iech eppes: Et geet net duer, dass mer elo am Joer 2003 oder 2004 ons Gedanken iwwert d'Erweiderung maachen, dat si jo Prozesser déi fënnef, aacht, zéng Joer daueren, an et ass am Ufank vun deene Prozesser, wou mer politesch mussen doriwwer diskutéieren a wou mer politesch musse wëssen, wou mer higinn.



Wa mer kucke wéi den Här Berlusconi, dee jo och ganz no bei onser Regierungspartei CSV ass, d'Erweiderung vun der Europäescher Unioun gesäit, da gëtt et engem ellen.

***(Interruption et coups de cloche de la Présidence)***

Do ass: Russland, Wäissrussland, Moldawien, Israel, d'Tierkei natierlech et j'en passe, déi him senger Meenung no sollen dobäikommen. Dat ka jo net sinn, besonnesch net wa mer gesi wéi schwiereg dass et ass d'Entscheedungsprozeduren an d'Institutioune vun der Europäescher Unioun ze verbesseren.

Här President, mir si mat dësem Accord averstanen, mä mat der ganz klorer politescher Maßgab, dass deen Erweiderungsprozess, deen d'Kommissioun hei pousséiert an deen apparemment och de Conseil affaires générales pousséiert, ons ze schnell geet, an dass een no der Erweiderung op zéng Länner d'nächst Joer emol e bëssen Otem faasse soll, mä där Géigend do selbstverständlech all finanziell an technesch Hëllef ubidde soll.

Et soll een och an där Géigend probéieren eng Zone de libre-échange ze schafen, fir dass déi Länner zesummeschaffen, an et soll een hinnen allméiglech Facilitéite ginn du point de vue douanier. „Associatioun" heescht jo, dass se déi kréien. Mä, wéi gesot, soll een déi Perspektiv vun der Erweiderung relativéieren, am Intérêt vun deene Länner an och am Intérêt vun der Europäescher Unioun.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Rapporteur, den Här Calmes, ass ganz am Detail op déi eenzel Problemer agaangen, an dofir wollt ech och den Accord vun onser Fraktioun zum Gesetzesprojet bréngen.

Mä et ass awer och kloer, datt d'Zuel vun deenen Accorden, déi elo mat verschiddene Länner ronderëm dat Käreuropa gemaach ginn, awer eng Importenz huet. An deene Länner gëtt ugeholl, datt sech de Problem doduerjer wäert vereinfache fir an d'Europäesch Unioun ze kommen. En Deel vun der Populatioun steet dem Accès an d'Europäesch Unioun ganz positiv géigeniwwer, en aneren Deel huet Ängschten. Mä wat een awer och feststelle muss, an déi lescht Referendumen hunn dat bewisen, dat ass datt e gudden Deel vun der Populatioun sech net fir de Problem interesséiert.

Et ass awer och e gefëierleche Prozess, dee mer aginn, wa mer einfach en offene Maart an Europa schafen, wa permanent nei Länner ugeholl ginn, déi, wat d'Konzeptioun selwer vun Europa, vun der Europäescher Unioun ugeet, verschidde Meenungen hunn, déi ganz fundamental kënne sinn, esou wéi mer dat kierzlech am Irakkrich gesinn hunn, wou verschidde Länner, notamment Polen, haaptsächlech hir Adhésioun zu Europa gesi wéi wa se domadder nach méi no kéinten un Amerika an un d'atlantesch Bündnisser kommen, mä dee méi europäesche Gedanke ganz hannen hinner stellen.

Dofir ass et wichteg, dass een an Zukunft oppasst mat wiem ee koaléiere wëllt, wat fir eng Schwieregkeeten op een duer kommen, an datt een och déi Hoffnungen, déi vun der Populatioun aus deene Länner kommen, net ze vill enttäuscht, well jiddferee gesäit oder mengt an deene Länner, datt se elo géinge ganz vill europäesch Subside kréien, an een herno awer gesäit, datt déi europäesch Länner mat deene budgetäre Schwieregkeeten, déi do sinn, deen Train do net kënne mat halen. Dofir ass et wichteg, datt een an Zukunft relativ vill Précautiounen hëlt, ier ee weider Schrëtt mécht fir d'Europäesch Unioun nach weider ze erweideren.

Ech wëll vun der Geleeënheet profitéiere fir ganz kloer ze soen, datt onser Meenung no d'Türkei net an Europa gehéiert.

M. le Président.- Den Här Statssekretär Jos Schaack huet d'Wuert.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, well eisen Ausseminister, d'Madame Polfer haut un enger Réunioun vun den NATO-Ausseministeren zu Madrid participéiert, ass et fir mech eng grouss Éier lech dëse Projet de loi kuerz ze exposéieren.

1999 ass de Processus de stabilisation et d'association fir fënnef süd-ost-europäesch Balkanlänner lancéiert ginn. Et sinn dat Albanien, Bosnien-Herzegovina, Kroatien, déi fréier jugoslawesch Republik vu Mazedonien a Serbien-Montenegro. D'Zil vun deem Processus war nom Kosovo-Krich der Bevölkerung vun deene Länner eng politesch a wirtschaftlech Perspektiv ze ginn. Den Accord tëschent der EU a Kroatien am Kader vum Processus de stabilisation et d'association ass den 29. Oktober 2001 ënnerschriwwe ginn, an niewent Kroatien hu bis elo siwe Memberstaten dësen Accord ratifizéiert. An dësem Kontext ass et wichteg, datt och Lëtzebuerg e politescht Signal setzt an dësen Accord mat Kroatien, deen haut hei als Projet de loi zur Debatt steet, ratifizéiert.

Tatsaach ass, dass Kroatien net nëmmen eng gewësse politesch Stabilitéit erreecht huet, mä dass dat Land och eng staark wirtschaftlech Entwécklung mat gemaach huet, wouduerch et op der éischter Plaz vun de Balkanlänner steet. Mat engem PIB vun 22,4 Milliarden Dollar an engem Wuesstum vun iwwer 5,4% am Joer 2002, ass Kroatien net nëmmen op eis Ënnerstëtzung ugewisen, mä et stellt ausserdeem e ganz interessanten Handelspartner fir all EU-Memberstaten an och fir Lëtzebuerg duer. Ech wëll hei ënnersträichen, dass Lëtzebuerg 2002 fir iwwer 4,5 Milliounen Euro a Kroatien exportéiert huet, während mer 2002 ongefëier fir eng hallef Milliun Euro importéiert hunn.

Selbstverständlech profitéiert vun där positiver wirtschaftlecher Entwécklung a Kroatien déi ganz Balkanregioun. Ausserdeem erweidert sech d'Kooperatioun net nëmmen tëschent der EU a Kroatien, mä och am ganze Balkan, esou datt eng fräi Handelszon an nächster Zukunft net nëmmen tëschent Kroatien an der EU duerch den Accord de stabilisation et d'association erreecht wäert ginn, mä esou ee System fir de ganze Balkan denkbar ass. Sou ass d'Demande d'adhésion, déi Enn Februar un d'EU adresséiert ginn ass, e staarkt Zeeche vum Enthousiasmus vu Kroatien, de Wee vum wirtschaftlechen Opschwong anzeschloen. Eent vun deene wichtegsten Ziler an dësem Accord mat Kroatien ass et e Kader ze setze fir d'Kooperatioun an diverse wäit gefächerte Beräicher, déi vun der Entwécklung vun der Société civile oder enger Reform vun der öffentlecher Verwaltung bis hin zu enger verdéifter wirtschaftlecher Zesummenaarbecht reechen.

Den Accord selwer ëmfaasst 130 Artikelen, déi esouwuel wirtschaftlech wéi och politesch Aspekter vun der Kooperatioun definéieren. Ouni elo an den Detail vun deenen eenzelne Bestëmmungen ze goen, wëll ech nach eng Kéier d'Bedeitung ënnersträichen, déi d'Regierung der Ratifizéierung vun dësem Accord zoumiesst, als ee konkrete Beitrag zur Stabiliséierung vu Kroa-

tien, an doduerjer enger ganzer Regioun, déi an den 90er Joren duerch eng ganz schwéier Zäit gaangen ass. Dësen Accord offréiert Kroatien nei Perspektiven, wouduerch dat Land enger besserer Zukunft entgéint striewe kann.

Interessant ass vläicht awer nach ervirzehiewen, dass Kroatien Enn Februar 2003 eng Demande d'adhésion un d'EU adresséiert huet. An esou engem Fall gëtt de Conseil der Kommissioun e Mandat fir en Avis auszeschaffen, deen eng Analys vun de politeschen, sozialen a wirtschaftleche Konditioune fir en EU-Bäitrëtt mécht.

D'Kommissioun gëtt sech tëschent sechs Méint an engem Joer fir säin Avis ofzeginn. Dëse Mandat ass de 14. Februar 2003 un d'Kommissioun iwwerreecht ginn. Wéi steet Lëtzebuerg dozou?

Och wa Lëtzebuerg sech positiv fir d'Ratifizéierung vum Accord de stabilisation et d'association ausspréicht, ass et nach ze fréi fir eng Stellung géigeniwwer der Demande d'adhésion ze huelen. Fir d'éischt muss den Avis vun der europäescher Kommissioun ofgewaart ginn, a parallell dozou wäert d'Lëtzebuerger Regierung observéiere wéi déi sozial, wirtschaftlech a politesch Fortschrëtter vu Kroatien sech weider entwéckelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, wann Der erlaabt, parole après ministre fir op eppes opmierksam ze maachen?

M. le Président.- Här Krecké, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, ech wëll virausschécken, dass den Här Statssekretär net dofir kann. Wann een en Débat hei féiert, wou och nach ënnerstrach gëtt vun der Regierung, dass d'Ratifizéierung eng gewësse Bedeitung huet an den Här Fayot dann eng ganz Rei Froe stellt en rapport mat deem Accord awer och mam politeschen Ëmfeld…

***(Interruption)***

Hutt Dir d'Wuert, Här Rippinger?

Här President, mir hunn an der Presidentekonferenz der Regierung nach ni verweigert eppes op den Ordre du jour net ze setzen, wann deen zoustännege Minister net do ka sinn. Dofir kann den Här Schaack net, deen huet eng Ried ze liesen a kann net wëssen, wat den Här Fayot u politesche Froe géing opwerfen.

Ech fannen, mir sollten doraus léieren, an d'Regierung, déi jo och an der Presidentekonferenz sëtzt, soll d'nächste Kéier soen, se wëllt de Projet net op den Ordre du jour bis ee vun deenen zwee Leit aus dem Ausseministère kann an der Sitzung sinn, dee Froe ka beäntwerten, déi dat politescht Ëmfeld betreffen.

Mir hunn nach ni esou eng Demande an der Presidentekonferenz verweigert a wäerten et och an Zukunft net maachen. Wa mer eis Aarbecht nëmme wëllen e bësse seriö huelen, huet et kee Wäert dass e Représentant heihinner kënnt an eppes erof liest, awer keng Äntwert ka ginn op déi Froen, déi hei gestallt ginn. An deem Fall huele mir eis selwer net méi seriö an et huet kee Wäert dass mer da soen, dass déi Accorden eng ganz grouss Bedeitung hätten.

Ech wär frou, Här Statssekretär, wann Dir dat der Regierung géift mat huelen, an ech wär weider frou, Här President, wann an der Presidentekonferenz géif seriö nogefrot ginn, ob deen zoustännege Minister och do wär, well soss huet et kee Wäert dass mer déi Projeten op den Ordre du jour setzen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Här Rippinger, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech sinn d'accord mat deem wat den Här Krecké hei gesot huet iwwert d'Presidentekonferenz.

Des voix.- Très juste.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- De Minister, dee chargéiert ass mat de Relatioune mam Parlament, ka sech net unzweifelen, datt den Här Fayot haut bei deem Projet iwwer Kroatien Froe stellt, déi net zu dësem Projet gehéieren.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Firwat maache mer dann en Débat?

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Mir hate gëschter an der Kommissioun vun den Affaires étrangères en Echange de vues, wou déiselwecht Saachen och debattéiert ginn a wou och den zoustännege Minister net do war.

De Minister vun den Affaires étrangères huet oft genuch gesot hei an der Chamber an an de Kommissiounen, wann en zitéiert ginn ass, datt en ëmmer an d'Kommissioun kënnt, fir op déi Froen, déi d'Deputéierten hunn, ze äntwerten.

Ech muss soen, mir kënnen eis net einfach virstellen, Donneschdes, wa Presidentekonferenz ass, wat den Här Fayot hei op d'Tribün débitéiere kënnt.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Dat doten ass e staarkt Stéck.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Jo, dat do ass wierklech e staarkt Stéck.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Mir sollen och net iwwerdreiwen. Et ass schonn zechmol virkomm, datt ee Minister net do war a sech ersetze gelooss huet. A wann eng Fro gestallt gouf, déi dee Betreffenden net konnt beäntwerten, ass de Minister an d'Kommissioun gaangen an huet do Ried an Äntwert gestanen.

***(Brouhaha général)***

Den Här Rippinger freet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, ech wollt ofschléissen a soen: Ech fannen dass dat do net seriö ass an dass dat Schaumschléierei ass…

***(Brouhaha général et interruptions diverses)***

Ech ka mat där Approche do, wéi den Här Krecké se elo gesot huet, net d'accord sinn.

Une voix.- Schaumschléierei!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Wann d'sozialistesch Fraktioun eng Rei vu Froen huet déi net hei direkt liéiert sinn un dëse Projet, dann huet et kee Wäert datt mer dee reportéieren op een aneren Datum. Da solle se hir Froe stellen an da kënne mer an der Conférence des Présidents den Ordre du jour esou fixéieren, dass de Minister och do ass.

D'leschte Kéier huet den Här Di Bartolomeo hei och eng Ried virgelies fir den Här Klein, deen net do war. An en huet se esouguer och zimlech op eng Aart a Weis virgelies…

***(Interruptions)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Et ginn hei keng Froe gestallt, Här Rippinger.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- En hat esouguer den Här Klein blaméiert.

***(Interruptions)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- An ech konnt déi Froen, déi ech mer selwer gestallt hunn, och selwer beäntweren.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Wann een am Glashaus sëtzt, da werft een net mat Steng op déi aner.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Also, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif ëm e bësse méi Uerdnung an Disziplin bieden. D'Leit dobausse rësele jo awer de Kapp, wa se gesi wat sech hei ofspillt. Elo hu mer uerdentlech Aarbecht hei geleescht an et geet géint de Schluss, elo mengt ee bal, et misst een deen aneren iwwertrompen a Schoulmeescher spillen.

D'Wuert huet elo den Här Ben Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech wollt eppes zu deem Scharmützel do soen. Et ass jo d'leschte Kéier schonn ugaange wéi mer iwwert den Accord de stabilisation et d'association mat der fréierer Republik Mazedonien geschwat hunn, déi mer op eng Manéier hei ofgeseent hunn, déi enges Parlaments net würdeg war. Dës Kéier huet d'Conférence des Présidents, déi ech duerfir félicitéieren, wéinstens de Modell 1 agesat, fir dass d'Riedezäit e bësse méi laang soll ginn.

Ech hunn deemools an och dës Kéier op d'Wichtegkeet vun där Konventioun higewisen an ech hunn dës Kéier dorop higewisen, dass Kroatien net iergendee Land ass. An ech hunn och, zum Beispill, eng Fro gestallt, an et ass eng Fro déi huet domat ze dinn:

Den 20. Juni ginn den Här Juncker an d'Madame Ausseminister am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung op Thessaloniki op e Conseil européen. An do gi se da konfrontéiert mat Propositioune vun der griichescher Présidence fir zum Beispill weider 200 Milliounen - respektiv hätt d'griichesch Présidence gär 300 Milliounen Euro - tëschent 2004 an 2006 fir dee West-Balkan do lasszëeisen. Dat ass eng politesch Décisioun; et gëtt héchstwahrscheinlech eng grouss Diskussioun doriwwer. Dat huet direkt mat deenen Accorden hei ze dinn; dat huet direkt mat där Zesummenaarbecht ze dinn, an duerfir hätt ech gär d'Meenung vun der Madame Ausseminister gehat.

Ech weess och, dass se haut zu Madrid ass, an ech hu mech eigentlech och gewonnert, dass d'Conférence des Présidents dat op den Ordre du jour gesat huet, well et ass awer wierklech wichteg. Ech wollt d'Chamber duerfir sensibiliséieren, wat déi weider Erweiderung ugeet. Ech hunn dat ganz kloer gesot, et ass also net iergendeng Konventioun déi mer hei unhuelen, et ass eng Konventioun vu grousser politescher Wichtegkeet, an do hätt ech gär d'Meenung vun där zoustänneger Ministesch vun der Regierung gehat.

Ech soen Iech merci.

Des voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Statssekretär Jos Schaack huet d'Wuert.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu vill Verständnis fir déi Diskussioun, déi elo hei gefouert ginn ass, an ech sinn och perséinlech der Meenung, datt d'Madame Ausseminister sech net wäert der Responsabilitéit entzéien, fir, esoubal se erëm hei zu Lëtzebuerg ass, am Kader vun der Kommissioun vun den Affaires étrangères de respektiven Deputéierten, déi Froen an deem dote Kontext hunn, och déi Froen ze beäntweren.

***(Interruptions)***

Här President, ech mengen, méi wéi dat dote kann ech hei net soen an och net offréieren. Domadder ass meng Interventioun op jidde Fall ofgeschloss.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo doriwwer of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Gesetzesprojet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par Mme Nelly Stein), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Jeannot Belling), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Emile Calmes), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 16.36 heures)***

## Sommaire des séances publiques


Communications page 692

Débat sur l'état de la nation pages 692-733

Dépôt par M. Nicolas Strotz d'une nouvelle version de la Motion 1 relative à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre page 722

Motions relatives à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre pages 733-735

Ordre du jour page 735

Communications

Ordre du jour pages 735-736

Heure de questions au Gouvernement:

- Question N° 300 du 3 juin 2003 de Monsieur le Député Marco Schank au sujet des infrastructures adéquates pour l'a.s.b.l. Luxembourg Air Rescue au Nord du pays, adressée au Ministre de l'Intérieur page 736

- Question N° 303 du 3 juin 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo au sujet de l'accueil téléphonique des administrés à la Caisse nationale des Prestations familiales, adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse page 736

- Question N° 304 du 3 juin 2003 de Monsieur le Député Emile Calmes au sujet de l'application de la loi du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'Etat et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique (ASFT), adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse pages 736-737

- Question N° 305 du 3 juin 2003 de Monsieur le Député Robert Mehlen concernant la construction d'une nouvelle laiterie par l'association agricole LUXLAIT, adressée au Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural page 737

Vérification des pouvoirs et prestation de serment de Mme Nancy Arendt pages 737-738

Composition des commissions parlementaires et des délégations auprès des assemblées internationales page 738

5097 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et la République de Croatie, d'autre part, et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 29 octobre 2001 pages 738-740



## Chambre des Députés

Compte rendu officiel

***Supplément commun aux quotidiens:***
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

***Contenu rédactionnel:***
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

***Conception, saisie de texte et mise en page:***
Polygraphic SA, Luxembourg

***Concept et coordination générale:***
media brain, agence en communication, Luxembourg

# QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

**COMPTE RENDU N° 17 / 2002-2003**

## Sommaire des questions parlementaires


| Question N° | Auteur | Objet |
|---|---|---|
| 2105 urgente | Alex Bodry | Attitude du Gouvernement luxembourgeois face à une éventualité d'une entrée en guerre de la Turquie |
| 2106 urgente | Serge Urbany | Possible implication du Luxembourg dans la guerre en Irak |
| 2111 | Ady Jung | Droit à la propriété |
| 2112 | Marc Zanussi | Vaccinations antirabiques des renards |
| 2139 | Gusty Graas | Création d'un cimetière pour les animaux |
| 2143 | Alex Bodry | Groupe de travail chargé d'élaborer un projet de plan directeur sectoriel décharges pour déchets inertes |
| 2144 | Gast Gibéryen | Croissance économique |
| 2156 | Jean-Pierre Koepp | Actualisation des fichiers cadastraux |
| 2162 | Emile Calmes<br>Gusty Graas | Plan d'aménagement général |
| 2165 | Camille Gira | Taille minimum des candidats accédant aux postes de sous-officier ou d'officier de carrière à l'armée |
| 2167 | Mars Di Bartolomeo | Fermeture temporaire du service de cancérologie à l'HPMA |
| 2168 | Lucien Lux | Assurance dépendance |
| 2169 | Robert Mehlen | Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean |
| 2171 | Jeannot Krecké | Impact économique de l'application de taux réduits sur les services à forte intensité de main-d'oeuvre |
| 2172 | Gusty Graas | Formation et information des élus locaux |
| 2173 | Mars Di Bartolomeo | Procédure d'homologation de jouets (exemple: YoYo Ball) |
| 2174 | Xavier Bettel | Traitements thérapeutiques ambulatoires offerts aux toxicomanes |
| 2175 | Marie-Josée Frank | Conservation et archivage des dossiers médicaux |
| 2177 | Ben Fayot | Solution des problèmes administratifs au sein de l'UE avec le réseau SOLVIT |
| 2178 | Mars Di Bartolomeo | Modifications en matière de TVA pour des sociétés actives dans le domaine de l'e-commerce |
| 2180 | François Bausch | Centre de Formation pour Conducteurs à Colmar-Berg |
| 2182 | Jeannot Krecké | Evaluation du revenu cadastral bâti |
| 2184 | Mars Di Bartolomeo | Travail d'étudiant dans les administrations de l'Etat |
| 2185 | Patrick Santer | Prise en charge de certains actes prodigués à domicile |
| 2187 | Jos Scheuer | Contrôle de l'évolution du cheptel des mouflons |
| 2188 | Aly Jaerling | Attestation de l'incapacité de travail par le contrôle médical |
| 2192 | Camille Gira | Transposition de la directive relative aux produits de cacao et de chocolat |
| 2200 | Jean-Marie Halsdorf | Inaptitude du travailleur à occuper un poste de travail |
| 2201 | Lucien Lux | Statut et attributions des aides socio-familiales |
| 2230 | Aly Jaerling | Virements bancaires |


Question urgente 2105 (25.3.2003) de M. Alex Bodry *(LSAP)* concernant l'attitude du Gouvernement luxembourgeois face à une éventualité d'une entrée en guerre de la Turquie:

A l'heure actuelle au moins quatre avions de reconnaissance AWACS de l'OTAN stationnés en Allemagne et immatriculés au Luxembourg sont en mission en Turquie.

Dans la mesure où la mission des avions AWACS se situe dans le cadre de l'assistance accordée par le Conseil de l'OTAN à un Etat membre dont la sécurité est menacée par un conflit armé dans un pays voisin, cela ne pose pas de problème politique et juridique majeur.

Il en est autrement si la Turquie décide d'envoyer des troupes dans un pays voisin, en l'occurrence l'Irak, pour y contrôler voire occuper une partie du territoire. Cette question ne doit-elle pas faire l'objet de débats au sein de l'OTAN?

Quelle est l'attitude du Gouvernement face à l'éventualité d'une «entrée en guerre» de la Turquie?

Est-ce que dans une telle hypothèse le Gouvernement considère qu'on se situe toujours dans le cadre des mesures de soutien accordées à la Turquie dans le cadre de l'OTAN?

Quelle est la réaction du Gouvernement par rapport à une décision actuellement envisagée par l'Allemagne de retirer les militaires allemands engagés dans la mission d'observation des avions AWACS prémentionnés, sachant que notre pays reste directement impliqué du fait de l'immatriculation et des demandes d'autorisation de survol de ces avions?

Le Luxembourg ne risque-t-il pas d'être mêlé à une guerre qui est désapprouvée par notre pays?

Réponse (31.3.2003) de M. Charles Goerens, *Ministre de la Défense:*

En date du 20 février 2003, le Comité des Plans de Défense (DPC) de l'OTAN, suite à l'invocation de l'art. 4 du Traité de Washington par le gouvernement turc, a autorisé les autorités militaires de l'Alliance à prendre immédiatement des mesures défensives bien définies visant à assurer la sécurité du territoire turc. L'art. 4 prévoit que les parties se consultent chaque fois que, de l'avis de l'une d'elles, l'intégrité territoriale, l'indépendance politique ou la sécurité de l'une des parties sera menacée.

Suite à cette décision, le Commandant suprême des Forces alliées en Europe (SACEUR), le Général Jones, a donné ordre le 21 février 2003 à la Force d'alerte aérienne avancée et de contrôle de l'OTAN (NAEW&C) de déployer des avions E-3A avec le système radar AWACS, ainsi que des avions de soutien en Turquie.

Ceci illustre clairement que l'immatriculation au Luxembourg des avions E-3A ne confère pas un droit d'intervention ou de regard spécifique au Luxembourg en ce qui concerne leur déploiement ou leur encadrement militaire. En effet, les E-3A dépendent exclusivement de la chaîne de commandement de l'OTAN, et en particulier du NAEW&C qui fait partie du quartier général de l'OTAN en Belgique. Signalons que la flotte AWACS a été immatriculée au Luxembourg suite à l'impossibilité pour l'OTAN en tant qu'organisation internationale n'ayant pas la personnalité juridique d'entamer une telle procédure administrative.

L'honorable député estime que les mesures défensives prises par l'OTAN en faveur de la Turquie poseraient un problème politique et juridique en cas «d'entrée en guerre» de la Turquie dans le cadre des opérations militaires qui se déroulent actuellement sur le territoire irakien. Le Ministère estime qu'une telle éventualité changerait effectivement le cadre des décisions prises. Or, comme il s'agit d'une opération OTAN, il appartient à l'Alliance atlantique de considérer les implications afférentes.

Le Conseil permanent de l'OTAN poursuit d'ailleurs ses consultations dans le cadre de l'article 4 et suit avec attention le déploiement de troupes turques le long de la frontière turco irakienne. Il suit en permanence l'évolution dans les territoires kurdes en Irak et constate que les flux de réfugiés sont minimes et qu'il n'y a pas eu de flux vers la Turquie. Dans ce contexte, l'OTAN a obtenu des garanties formelles de la part notamment du Représentant de la Turquie auprès de l'OTAN que ces déploiements sont préventifs et qu'il n'y a pas eu de déploiements en Irak. Lors d'une conférence de presse à Dyarbakir le 26 mars, le Chef d'Etat-Major turc a confirmé à nouveau que l'armée turque n'avait aucune intention offensive dans le Nord de l'Irak. Les Alliés ont demandé à la Turquie de les maintenir informés et ont signalé à la Turquie qu'un déploiement militaire turc dans les territoires kurdes irakiens entraînerait un réexamen du dispositif OTAN en Turquie.

Pour ce qui est du débat mené actuellement en Allemagne sur un éventuel retrait des équipages allemands des avions AWACS, le Ministère y porte un intérêt certain sans vouloir y apporter des commentaires toutefois.

**Q 94**

Question urgente 2106 (26.4.2003) de M. Serge Urbany *(déi Lénk)* concernant la possible implication du Luxembourg dans la guerre en Irak:

La possible implication du Luxembourg dans la guerre en Irak appelle de ma part les interrogations urgentes suivantes:

1) Même indépendamment d'un envoi de troupes turques en Irak, je m'interroge sur la mission actuelle en Turquie des quatre avions AWACS de l'OTAN, immatriculés au Luxembourg. Comment est garanti en pratique le caractère purement défensif des missions de ces avions de reconnaissance et de commandement d'avions de chasse? De nombreux experts militaires, notamment allemands, ont-ils tort de prétendre que les missions défensive et offensive de ces avions ne sont pas séparables? La question se pose surtout alors que l'aviation de certaines puissances de l'alliance effectue des missions offensives à partir du même espace aérien turc? Des avions AWACS des alliés opèrent-ils dans la même zone de reconnaissance couvrant le nord de l'Irak et comment s'effectue le partage éventuel des missions?
2) De quelle manière le centre de maintien et de logistique militaire de la NAMSA à Capellen est-il impliqué - par du transport de matériel et par des personnes - dans les opérations de guerre actuelles, sachant, d'après ses publications officielles, qu'il a de nombreux contrats notamment avec les armées américaine et britannique concernant la logistique et le maintien de fusées et de missiles, de matériel d'aviation, de chars et autres matériels de guerre dont on peut présumer qu'au moins certains sont actuellement opérationnels en Irak?
3) Y a-t-il encore actuellement des transports de matériel en provenance des camps militaires de la WSA à Sanem et à Bettembourg en direction de la zone de guerre? Lesquels? Par quelle voie de communication sont effectués les éventuels transports?
4) Pouvez-vous indiquer avec précision les conventions internationales qui constituent la base des différents engagements militaires actuels du Luxembourg? Sont-elles publiées? Peuvent-elles primer la Charte des Nations Unies à laquelle sont tenus les différents pays engagés dans la guerre en Irak et à laquelle se réfère d'ailleurs expressément le Traité de l'OTAN, alors que d'après cette Charte une action unilatérale menée sans mandat de l'ONU constitue une agression? Le Luxembourg ne doit-il pas - pour le moins - rester neutre face au conflit en Irak et interdire toute opération militaire qui impliquerait notre pays de quelque façon que ce soit?

Réponse (1.4.2003) de M. Charles Goerens, *Ministre de la Défense:*

1) L'envoi de quatre avions E-3A équipés du système radar AWACS fait partie de la mission «DISPLAY DETERRENCE» de l'OTAN en Turquie. Cette mission n'a aucune relation avec les opérations militaires anglo-américaines en Irak. Les règles d'engagement militaires («rules of engagement») sont claires sur ce point et ont été renforcées depuis le commencement des hostilités en Irak:

- le dispositif de l'OTAN est de nature strictement défensive,
- la mission des avions E-3A est de surveiller l'espace aérien turc, de demander et de vérifier l'identification des avions civils et militaires traversant l'espace aérien turc,
- les orbites des avions E-3A sont strictement limitées aux portions d'espace aérien turc,
- les avions de l'OTAN peuvent avertir les avions non autorisés de quitter l'espace aérien turc,
- ils effectuent la liaison avec les commandants des batteries antimissiles PATRIOT en Turquie,
- l'emploi de la force par les avions de chasse chargés de la protection des avions E-3A est formellement interdit sauf en cas de légitime défense ou de nécessité absolue de défendre le territoire turc,
- l'entrée dans l'espace aérien irakien est formellement interdit à tous les avions OTAN.

Mis à part les «rules of engagement», l'OTAN a mis en place des règles d'incompatibilité entre les forces OTAN et les forces de la coalition anglo-américaine.

2) La NAMSA n'est pas impliquée en tant qu'agence de l'OTAN dans les opérations militaires en Irak. L'agence est néanmoins aussi à la disposition bilatérale d'une nation alliée. Sur ces activités le Luxembourg ne dispose pas d'informations. Il faut distinguer ici entre les missions OTAN de la NAMSA et ses services ou contrats bilatéraux qui sont du ressort exclusif d'une nation alliée.
3) Le dépôt de la WSA est un entrepôt de réserve pour les besoins des forces armées américaines en Europe. Sa mission est de stocker, de recevoir, de transporter, de réparer, de modifier, de préserver et de reconfigurer le matériel militaire prépositionné par les forces armées américaines en Euro-

pe. L'envergure de cette mission comporte évidemment un échange constant de matériel entre les sites de la WSA et certaines bases américaines en Europe.

4) La participation de l'armée luxembourgeoise à la KFOR au Kosovo et le détachement d'un officier au quartier général de la mission de l'UE en ARYM constituent pour le moment les seuls engagements militaires du Luxembourg. Le Luxembourg a aussi prévu de participer à la troisième mission de maintien de la paix de la Force Internationale d'Assistance à la Sécurité en Afghanistan. Ces missions se basent sur les résolutions 1244 (1999), 1371 (2001) et 1386 (2001) du Conseil de Sécurité de l'ONU, ainsi que sur une invitation du Président de l'ARYM envers l'UE de reprendre l'opération OTAN «Allied Harmony». Ces textes sont publics et en conformité avec la Charte des Nations Unies.

Le Luxembourg n'est pas impliqué dans les opérations militaires anglo-américaines en Irak. Je rappelle que le Gouvernement a toujours invoqué une solution diplomatique à la crise irakienne et ne fait pas partie de la «coalition of the willing» qui s'est constituée autour des Américains.

Question 2111 (27.3.2003) de M. Ady Jung *(CSV)* concernant le droit à la propriété:

Monsieur le Ministre et Monsieur le Secrétaire d'Etat à l'Environnement sont certainement au courant de la prise de position du Groupement des Sylviculteurs de février 2003 au sujet du projet de loi 4787, portant d'une part la transposition en droit national de directives CEE concernant la conservation des habitats naturels, de la faune et de la flore sauvages, ainsi que la conservation des oiseaux sauvages et, d'autre part, portant modification de la loi concernant la protection de la nature et des ressources naturelles.

Dans cette prise de position, les intéressés se demandent entre autre pourquoi la législation luxembourgeoise entend aller plus loin que l'objectif visé par les directives CEE précitées et se soucient surtout sur la clause d'interdiction ou restriction de l'exploitation forestière inscrite à la fin de l'article 45, qui reviendrait, d'après l'avis de la Chambre de l'Agriculture du 28.11.2001, «à une quasi-expropriation, qui est inadmissible»!

D'autre part, les propriétaires de terres boisées au Grand-Duché de Luxembourg s'inquiètent sérieusement sur l'introduction de zones protégées d'intérêt communal prévue au chapitre 7 et sur le chapitre 8 (articles 53 et 54 du texte gouvernemental) relatif au plan national pouvant être déclaré obligatoire et de par là d'utilité publique!

Monsieur le Ministre de l'Environnement et Monsieur le Secrétaire d'Etat à l'Environnement ne croient-ils pas de mise de prendre en considération les doléances et les soucis, voire le cri d'alarme du Groupement des Sylviculteurs, lors de l'élaboration du texte final du projet de loi 4787, afin de mieux respecter les principes élémentaires du droit à la propriété inscrit dans notre Constitution?

- Dans quels délais le Gouvernement entend-il régler le statut de ces personnes ?
- Est-ce que Madame la Ministre envisage la possibilité d'une formation qui ne sera pas uniquement dispensée en cours d'emploi, avec reconnaissance d'un diplôme?

Réponse (18.6.2003) de Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse:*

L'«Association luxembourgeoise des aides socio-familiales» a été créée le 18 février 2003 en présence de trois représentants du Ministère de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.

Entre-temps ses représentantes élues ont été reçues trois fois par les services compétents de mon ministère et deux déléguées de cette association font partie de la commission de formation aux fonctions d'aide socio-familiale prévue à l'article 9 du règlement grand-ducal du 21 mai instituant une formation aux fonctions d'aide socio-familiale.

Cette commission a d'ailleurs, dans sa séance du 12 novembre 2002, approuvé un document relatif aux tâches de l'aide socio-familiale.

En outre certains de ces actes sont remboursés aux organismes gestionnaires par l'Union des Caisses de Maladie - branche Assurance Dépendance, en référence au règlement grand-ducal du 18 décembre 1998 fixant les modalités de la détermination de la dépendance (hygiène aide minimale et partielle; hygiène buccale; soins barbe, peau; lavage cheveux; nutrition; mobilité; tâches domestiques…).

Le statut et la carrière des aides socio-familiales sont réglés par les conventions collectives SAS respectivement celle des ouvriers de l'Etat.

Près de 350 personnes ont terminé avec succès la formation de l'aide socio-familiale que le Ministère de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse organise conjointement avec le Ministère de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports. Actuellement cette formation est suivie par 263 stagiaires, répartis sur 11 cours.

Le Ministère de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports envisage d'ailleurs de créer pour les détenteurs de ce certificat des passerelles vers d'autres formations dont l'auxiliaire économe et l'aide soignante.

Jusqu'ici l'«Association des aides socio-familiales» n'a pas demandé de changement au niveau de l'organisation de cette formation qui s'adresse particulièrement aux personnes déjà salariées dans des institutions oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique. Il n'est donc pas envisagé à ce stade d'organiser cette formation dans le cadre de la formation initiale.

Question 2230 (19.6.2003) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant les virements bancaires:

Hei zu Lëtzebuerg waren d'Iwwerweisunge bis elo gratis. Ab dem 1. Juli ass deem net méi esou. En EU-Reglement zwéngt d'Banken, mam Argument vun enger sougenannter „Harmoniséierung“ vun den Iwwerweisungskäschten am EU-Bannemaart, fir Iwwerweisungen an Euro bannent der Unioun dat selwecht ze froen ewéi am EU-Memberstat an deem se etabléiert sinn. Hei am Land hätt dat eigentlech dozou féiere missen, datt och déi international Iwwerweisunge bannent der Unioun hätte misse gratis ginn. De Contraire ass agetratt. All Facture déi mat Virement hei am Land bezuelt gëtt, all Transfert dee per Virement virgeholl gëtt, gëtt entspriechend méi deier.

Dës Décisioun schäerft de Bléck fir aner Praktiken am Lëtzebuerger Bankesecteur, déi de Client schiedegen. Am Géigesaz zum Ausland - z.B. Däitschland - leien hei Deeg tëschent engem Geld-Mouvement an deem Datum, un deem déi entspriechend d'Zomm guttgeschriwwe gëtt. Wann eng Zomm vun engem Konto ofgeet, gëtt se e puer Deeg éischter ofgeschriwwen, wann eng Zomm op e Konto geet, gëtt se réischt Deeg, alt eng Woch, méi spéit guttgeschriwwen. Op dës Manéier gëtt de Client ëm Zënserdréig geschiedegt an d'Bank schafft dës Zäit nawell mat sengem Geld. Heiansdo si souguer Débiteurszënse fälleg, well de Client net mat dëser Praktik gerechent hat.

Menges Wëssens ass am noen Ausland dës Lëtzebuerger Praktik net legal. De Client vun enger Bank muss zu all Moment iwwert säi Geld verfüge kënnen. Dat heescht et muss den Dag vun der entspriechender Operatioun och guttgeschriwwe ginn.

Dofir dës Froen:

1) Muss oder kann, mat der Aféierung vum käschteflichtegen nationale Virement, net déi genannte Praktik vun eise Banken iwwerpréift ginn?
2) Ass de Banken hir Gewunnecht, d'Gelder vun engem Client während engem kuerzen Zäitraum ze konfiskéieren, iwwerhaapt legal?
3) Misst oder kéint eist nationaalt Parlament hei net gesetzlech aschreiden?

Réponse (26.6.2003) de M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*:

Déi Praxis vun der sougenannter «date-valeur» bezitt sech net, wéi den honorabelen Deputéierte mengt, op den Datum op deem eng Bankoperatioun verbucht gëtt, mee nëmmen op den Datum, vun deem un respektiv bis deen d'Zënse lafen.

Et ass also nët esou, datt eng Abezuelung op ee Kont eréischt no e puer Deeg guttgeschriwwe gëtt. De Client kann direkt iwwert säi Geld verfügen, et gëtt keen Ament vun der Bank «konfiskéiert », mee et dréit eréischt no e puer Deeg Zënsen. Dat léisst sech domat erklären, datt d'Bank Zäit brauch, fir dat Geld ze placéieren a selwer Zënsen drop ze verdéngen. Ëmgedréit geet et, wann ee Geld vum Kont ewech hëlt. Da kritt ee fir déi lescht puer Deeg keng Zënsen, well d'Bank ee Placement huet mussen opléisen.

Déi europäesch Kommissioun huet schonn ugedeit, datt och déi Praxis vun der «date valeur» soll ënnersicht an eventuell vu Bréissel harmoniséiert ginn.

**Compte rendu des séances publiques**
**N° 18 – Session ordinaire 2002-2003**

61e séance, mercredi 4 juin 2003
62e séance, mardi 17 juin 2003
63e séance, jeudi 19 juin 2003
64e séance, mardi 1er juillet 2003

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

*Jean-Pierre Raffarin à la Chambre des Députés:*

# Hommage à la "capacité européenne"



**"La puissance du Luxembourg, c'est sa capacité européenne." C'est en ces mots que le Premier Ministre de la République Française, M. Jean-Pierre Raffarin, a exprimé son admiration pour le Grand-Duché devant une délégation de la Chambre des Députés dans l'après-midi du 11 juillet 2003.**


Dans une brève allocution, le Premier Ministre a confirmé son adhésion à l'idée de la Grande Région. Il a promis une simplification des procédures qui, du côté français, entravaient parfois la réalisation concrète et bloquaient souvent le développement rapide "de l'Europe à petite échelle" que représentait la Grande Région.

Interrogé sur sa réaction face au document final présenté par la Convention sur l'avenir de l'Europe, M. Raffarin a concédé qu'il n'aurait jamais cru en un résultat d'une pareille qualité. Il en serait d'autant plus agréablement surpris.

### Entre parlementaires

En fin de matinée, une délégation de parlementaires français accompagnant le Premier Ministre - membres de l'Assemblée Nationale et du Sénat (dont Christian Cointat, Sénateur résidant à Luxembourg et représentant les Français établis hors de France) - avait été reçue à la Chambre des Députés.

Les entretiens qui se sont déroulés dans une ambiance très amicale ont essentiellement porté sur le projet d'une Université à Luxembourg – projet qui a été voté entre-temps par la Chambre des Députés. Pour les parlementaires français, surtout pour les élus de Lorraine, une université luxembourgeoise ne fera que renforcer l'attractivité de la Grande Région. Tout comme leurs collègues luxembourgeois, ils ont insisté sur la nécessité que l'Université de Luxembourg se mette en réseau avec les universités voisines. Par ailleurs les parlementaires français apprécient particulièrement le concept bilingue du projet qui constituerait un véritable atout pour le Luxembourg et la Région!



# Marcel Glesener nouveau Président de l'Assemblée de l'UEO



Le député luxembourgeois Marcel Glesener a pris les fonctions de Président de l'Assemblée parlementaire de l'UEO le 3 juillet 2003. Membre de l'Assemblée depuis août 1999, il a été élu Vice-Président en décembre 2002. Avant de devenir Président de l'Assemblée, il a été membre des Commissions de défense, politique et technique et aérospatiale.

L'Assemblée de l'UEO, première assemblée interparlementaire européenne pour la sécurité et la défense, a été créée en 1954 par le Traité de Bruxelles modifié. Ce traité comporte une clause de défense mutuelle semblable à celle contenue dans l'article 5 du Traité de l'Atlantique Nord et lie la sécurité des pays membres de l'UEO à l'OTAN. En outre, il a créé l'Assemblée, composée de 364 parlementaires nationaux de 28 pays, dont tous les pays membres de l'UE et les pays candidats à l'adhésion à l'UE et à l'OTAN. La délégation luxembourgeoise se compose de MM. Marcel Glesener, Gusty Graas et Mme Lydie Err (membres effectifs) ainsi que de MM. Norbert Haupert, Emile Calmes et Mme Mady Delvaux-Stehres (membres suppléants).

L'Assemblée de l'UEO contrôle les activités intergouvernementales européennes dans tous les domaines de la sécurité et de la défense, y compris la coopération en matière d'armements. A la suite du transfert des activités opérationnelles de l'UEO à l'UE, elle assume également la fonction de tribune interparlementaire pour la politique européenne de sécurité et de défense.

**Chamber TV**

*weist all öffentlech Sëtzung*
**live** *an* **integral**
*mat enger Rediffusioun*
*all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*

*Du 5 au 9 juillet à Rotterdam:*

# 12ème session annuelle de l'Assemblée parlementaire de l'OSCE

Du 5 au 9 juillet 2003 s'est déroulée à Rotterdam la 12ème session annuelle de l'Assemblée parlementaire de l'OSCE (Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe), qui a pour but de promouvoir le dialogue et la participation parlementaire dans les activités de l'OSCE. Le Luxembourg était représenté par M. Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés, ainsi que M. Fred Sunnen, M. Alexandre Krieps et Mme Renée Wagener.

Près de 300 parlementaires des Etats partenaires de l'OSCE ont discuté sur différents aspects du rôle de l'OSCE dans la nouvelle architecture de l'Europe. Les trois Commissions générales - à savoir la Commission des affaires politiques et de la sécurité, la Commission des affaires économiques, de la science, de la technologie et de l'environnement ainsi que la Commission de la démocratie, des droits de l'homme et des questions humanitaires - ont analysé plusieurs projets de résolution pour la séance plénière, dont une résolution sur la Biélorussie et une autre sur les prisonniers détenus par les Etats-Unis à Guantanamo.

La prochaine réunion aura lieu en février 2004 à Vienne.




*(de gauche à droite) M. Alexandre Krieps, M. Jean Spautz, M. Fred Sunnen, Mme Renée Wagener*

# NOUVELLES LOIS

## 4807 - Projet de loi

portant modification de la loi du 2 septembre 1993 créant les conditions requises pour l'application

1. de la loi modifiée du 17 juin 1970 concernant les pratiques commerciales restrictives

2. du règlement n° 17 du Conseil de la Communauté européenne du 6 février 1962, pris en exécution des articles 85 et 86 du Traité de Rome

3. du règlement (CEE) n° 4064/89 du 21 décembre 1989 relatif au contrôle des opérations de concentration entre entreprises

Le projet de loi vise à rendre la législation luxembourgeoise conforme au Règlement (CE) N° 659/1999 du Conseil du 22 mars 1999 portant modalités d'application de l'article 93 du Traité CE. Ce Règlement appelé « Règlement de procédure » précise les modalités de coopération entre la Commission et les Etats membres en matière d'aides d'Etat.

Le projet de loi prévoit d'étendre le champ d'application de la loi du 2 septembre 1993 créant les conditions requises pour le contrôle des pratiques commerciales restrictives pour organiser le droit d'enquête de la Commission dans le cadre du Règlement de procédure.

Dépôt par M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie, le 13.06.2001

Rapporteur: M. John Schummer

Travaux de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports (Président: M. John Schummer):

| | |
|---|---|
| 11.03.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 02.06.2003 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 19.06.2003

## 4997 - Projet de loi

portant approbation du Protocole portant modification de loi uniforme Benelux sur les marques, signé à Bruxelles, le 11 décembre 2001

Le projet de loi prévoit l'approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux sur les marques, signé à Bruxelles, le 11 décembre 2001.

La directive 89/104/CEE du Conseil des Communautés européennes du 21 décembre 1988 prévoyait de rapprocher les législations nationales des Etats membres sur les marques. Lorsque les trois gouvernements du Benelux ont transposé cette directive en 1992, ils ont opté pour une approche minimale, c'est-à-dire une adaptation de la loi uniforme uniquement sur les points qui s'avéraient être incompatibles avec la directive. Or, la pratique du droit a démontré au fil des années que cette approche ne suffisait pas pour éviter tous les écueils pouvant se manifester dans l'application de la LBM. L'affaire Sabel B.V. contre Puma AG, dont le détail peut être consulté dans l'exposé des motifs du présent projet de loi, en est un exemple phare. Le Protocole sous rubrique entend donc remédier à ce problème.

Par ailleurs, le Protocole prévoit l'institution d'une procédure d'opposition. Ainsi, le Benelux se dotera également, à l'instar des autres Etats membres de l'Union européenne, d'une telle procédure qui a pour objectif de permettre aux titulaires d'une marque de s'opposer à l'enregistrement d'une marque qui pourrait entrer en conflit avec sa propre marque.

L'introduction d'un registre de mandataires en marques doit permettre de créer au sein du Benelux les conditions d'un contrôle plus efficace de la qualification des mandataires en marques et de faire bénéficier les mandataires agréés Benelux d'une qualification qui est reconnue pour l'exercice de leur profession dans d'autres Etats membres de l'Espace économique européen. Les dispositions proposées ne réglementent cependant pas l'accès à la profession de mandataire en marques mais limitent uniquement l'usage du titre de mandataire Benelux en marques aux personnes qualifiées.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 23.07.2002

Rapporteur: M. John Schummer

Travaux de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports (Président: M. John Schummer):

| | |
|---|---|
| 11.03.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 02.06.2003 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 19.06.2003

## 5083 - Projet de loi

sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2001

Le résultat de l'exercice 2001 se caractérise par les traits suivants:

- le budget courant affiche un excédent supplémentaire de 140,2 millions d'euros

- le budget en capital affiche un excédent supplémentaire de 10,9 millions d'euros

- l'excédent global passe ainsi de 1,3 millions à 152,4 millions d'euros.

Les principales plus-values de recettes sont enregistrées au titre des postes budgétaires suivants:

Impôt sur le revenu des collectivités: +99 millions

Impôt retenu sur les traitements et salaires: +91 millions

Intérêts de fonds en dépôt: +58 millions

Taxe d'abonnement sur les titres de société: +118 millions.

Les moins-values les plus sensibles étaient:

- Part du Grand-Duché dans les recettes communes de l'UEBL en matière de droits de douane et d'accises -87 millions

- Redevances à payer par la SES -42 millions.

L'affectation proposée des plus-values est la suivante:

- Fonds de la coopération au développement +25 millions

- Fonds pour le financement des infrastructures sociofamiliales +20 millions

- Fonds spécial des investissements hospitaliers +40 millions

- Fonds d'investissements publics scolaires +40 millions

- Fonds pour la loi de garantie +15 millions

- Fonds du rail +10 millions

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 15.01.2003

Rapporteur: M. Jean-Marie Halsdorf

Travaux de la Commission des Finances et du Budget (Président: M. Lucien Weiler):

| | |
|---|---|
| 02.06.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation et examen du projet de loi |
| 06.06.2003 | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 19.06.2003

## 5122 - Projet de loi

modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Le projet de loi sous rubrique a pour objet de transposer en droit national deux directives européennes concernant la taxe sur la valeur ajoutée, à savoir la directive 2001/115/CE relative à la facturation en matière de TVA et la directive 2002/38/CE sur le régime de taxation des services de radiodiffusion et de télévision, ainsi que de certains services fournis par voie électronique, dont certains éléments n'ont qu'une portée temporaire.

La transposition en droit national de ces deux directives revêt une importance évidente pour le développement du commerce électronique au Grand-Duché.

En ce qui concerne les dispositions communautaires actuellement applicables à la TVA sur les services fournis par voie électronique, elles ne permettent pas d'imposer de manière adéquate ces services consommés dans un Etat membre de l'Union Européenne. Ceci provoque des distorsions de concurrence sérieuses du fait que les services fournis à un client de l'Union par un fournisseur établi dans un pays tiers ne sont pas soumis à la TVA, alors que la détaxation complète des prestations fournies par un prestataire établi dans l'Union Européenne à un client domicilié dans un pays tiers n'est pas assurée dans tous les cas.

Par conséquent, le présent projet a pour objet, en ce qui concerne les services payants de radiodiffusion et de télévision, d'une part, et les services fournis par voie électronique, d'autre part, de déplacer d'une manière générale, pour les opérations à partir et à destination de l'U.E., le lieu d'imposition des opérations «business to business» vers le pays de résidence des clients assujettis.

Les mêmes règles de localisation s'appliquent également à l'égard des services «business to consumer» prestés à partir d'un pays de l'U.E. à des preneurs établis dans un autre pays de l'U.E. ou dans un pays tiers.

Finalement, les services rendus à partir de pays tiers pour le compte de consommateurs finaux («business to consumer») établis dans l'U.E., sont régis de la manière suivante:

- les services fournis par voie électronique sont soumis à la TVA aux pays de résidence des clients (non assujettis);

- les services de télévision et de radiodiffusion, aux pays d'utilisation et d'exploitation effectives du service par les clients (non assujettis).

Ces dispositions ont pour conséquence, d'une part, de taxer les prédites prestations de services au lieu de leur consommation (effective ou présumée), et, d'autre part, d'assurer la complète détaxation des opérations relevant du commerce électronique effectuées par des assujettis communautaires et consommées en dehors de l'.U.E., ce qui ne peut que contribuer au développement de la commercialisation de ces prestations à partir des pays de l'U.E.

Dépôt par M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances, le 24.04.2003

Rapporteur: M. Norbert Haupert

Travaux de la Commission des Finances et du Budget (Président: M. Lucien Weiler):

| | |
|---|---|
| 02.06.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| 18.06.2003 | Examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 19.06.2003


Chambre des Députés
LUXEMBOURG

# Chamber TV

**um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)**

*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

**um Réseau vun der Coditel**

*um Kanal S 29*

*och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*

## Ordre du jour

**1.** Communication

**2.** Heure d'actualité au sujet des délais des procès en matière pénale (débat demandé par le groupe LSAP)

*(Discussion générale)*

**3.** - Question avec débat N° 29 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la libéralisation du marché des télécommunications

- Question avec débat N° 30 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la libéralisation du marché du gaz

- Question avec débat N° 31 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la libéralisation du marché de l'électricité

**4.** 4991 - Projet de loi portant modification de certains articles du code pénal

*(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

**5.** 5072 - Projet de loi portant

1. modification de l'article 46 et de l'article 56-2 de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire, et
2. introduction des articles 37-2 et 78-2 dans la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif

*(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Henri Grethen et François Biltgen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.33 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

## 1. Communication

Ech hunn Iech folgend Kommunikatioun ze maachen.

En date du 3 juin 2003 la Chambre a été saisie de la pétition N° 251 de LILUX a.s.b.l. «Contre la brevetabilité des logiciels».

Mir hunn d'Petitioun un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

Haut de Mëtteg steet op eiser Dagesuerdnung eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Délaie bei de Strofprozesser. Et handelt sech heibäi ëm eng Demande de débat, déi den Här Jeannot Krecké an d'Madame Lydie Err am Numm vun der sozialistescher Fraktioun ugefrot haten an déi duerch Beschloss vun der Presidentekonferenz an eng Aktualitéitsstonn ëmgewandelt gouf.

D'Riedezäit ass am Artikel 78 vum Chamberreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir. Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn 10 Minutten zou, deenen anere Fraktioune jeeweils fënnef Minutten, der Sensibilité politique zwou Minutten an der Regierung eng Véirelsstonn. Bis elo si schonn ageschriwwen: den Här Mosar, d'Madame Err, d'Madame Durdu, den Här Henckes an den Här Bausch. D'Wuert huet elo d'Madame Lydie Err.

## 2. Heure d'actualité au sujet des délais des procès en matière pénale (débat demandé par le groupe LSAP)

**Mme Lydie Err** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Sujet, dee mer haut beschwätzen, ass ongeféier esou drësche wéi d'Klima haut. Et ass awer trotzdeem net onwichteg, fir op verschidde Saachen anzegoen. Ech hoffen, Här President, dass Der Versteesdemech hutt, an dass Der bei engem Thema wéi deem heiten, wat ëmgewandelt ginn ass par rapport zu der Ufro, net ze vill streng mat de Riedezäite sidd.

Ech fänken un. De Rapport vun 2002 iwwert d'Justiz, an deem seet de Procureur vun Dikrech, dass ouni de Classement vun den Affären, déi net esou wichteg sinn, d'generell Situatioun, déi scho beonrouegend ass, carrément dramatesch géif ginn.

Ech mengen, dass dat eppes erëmgëtt wat d'Leit och spieren: D'Zäit, déi gebraucht gëtt um Tribunal fir eng Affär um Penal duerchzekréien, ass ze laang. Et gi vill Saache klasséiert. D'Informatioun vun de Victimen - mä deem gëtt jo elo deemnächst opgehollef - gëtt op jidde Fall de Leit dat Gefill, dass d'Transparenz am Justizsystem net déi ass, déi si gären hätten. Et gëtt esou en diffust Insécuritéitsgefill, well d'Leit net genau hannert déi Rideaue gesinn hannert deenen d'Justiz schafft.

D'Ursaache firwat deen Arriéré ëmmer méi grouss gëtt, obschonns gläichzäiteg d'Personal um Tribunal staark opgestockt ginn ass, si vielfälteg. Éischtens emol ginn d'Affären ëmmer méi komplizéiert an déi Spezialisten, déi gebraucht gi fir an der Criminalité économique ze enquêtéieren, si schwéier ze fannen an et braucht ee ganz laang bis déi Leit, déi agestallt ginn, an där Matière schaffe kënnen.

Et ass och esou, dass d'Prioritéiten um Tribunal esou sinn, dass déi Leit, déi an Ënnersuchungshaft sëtze fir d'éischt um Geriicht bäikommen. Also ginn déi Affäre fir d'éischt geholl an da kommen natierlech déi einfach Affären, déi net duerch de Cabinet d'instruction ze goe brauchen, wat zum Endresultat féiert, dass dat wat relativ schnell virugeet relativ einfach an esou gesinn och relativ gesinn onwichteg Affäre sinn, bei deenen den Ordre public op jidde Fall net schrecklech troubléiert ass, während déi komplizéiert Affäre vun deenen deelweis d'Sécherheetsgefill oder d'Onsécherheetsgefill vun de Leit ofhänkt op d'laang Bänk geschubbt ginn.

Da stelle mer nach fest, wa mer déi lescht Procès-verbauxen huelen, wou mer mam Parquet Dikrech a mam Parquet vun der Stad geschwat hunn, dass 70% vum Arriéré judiciaire Circulatiounsaffäre sinn. Ech denken, dass dat en Element ass, wat ee muss mat a Considératioun huelen, wann ee kucke wëllt wéi dee Mëssstand do kann ophéieren.

Do kënnt een natierlech un déi Moyenen denken, déi et géingen erlaben nieft dem Classement vun den Affären eng Poursuite pénale ze ginn ouni d'Affären iwwert d'Geriicht lafen ze loossen, an dat wär natierlech d'Médiation pénale. Mir hunn awer an eisen Entrevuen héieren, dass d'Médiation pénale par rapport zu dem Gesamtchiffer vun den Affären immens wéineg applizéiert gëtt. De leschte Chiffere vum Procureur d'Etat aus der Stad no hu mer 2002 35.510 nei Affären erakritt; datselwecht Joer sinn iwwert de Wee vun der Mediatioun 100 Affären eliminéiert ginn. Dat heescht, dass ee vun de Moyenen, dee géing à Dispositioun stoe fir méi schnell mat den Affären virunzekommen, ganz wéineg gebraucht gëtt.

Da muss ee gesinn, dass de Premier 1999 bei der Regierungserklärung ënner anerem de Programm vun der Regierung esou zesummegefaasst huet, dass d'Regierung d'Intentioun hätt all alternativ Prozedure wéi Arbitrage a Mediatioun weiderzebréngen. Mir stellen awer fest, dass an där Matière do näischt geschitt. Dat ass regrettabel aus méi wéi enger Ursaach an ech wëll probéieren déi zesummenzefaassen.

D'Mediatioun ass bekannt als eng aner Manéier wéi déi üblech bekannte fir e Konflikt ze léisen, sief dat an der Justiz oder ënnert de Privatleit. Et ass awer och, an dat ass vill manner bekannt, e Moyen fir d'Kommunikatioun tëschent de Leit erëm hierzestellen, an am Fong esou och den Zesummenhalt vun enger Gesellschaft domadder ze stäerken, well et fir jiddfereen Eenzelnen eng Méiglechkeet ass seng eege Problemer, d'Resolutioun vu senge Problemer oder d'Gestioun vu senge Problemer selwer an d'Hand ze huelen amplaz se einfach ze delegéieren.

Vläicht huet dat zu Lëtzebuerg och nach eppes domadder ze dinn, dass et de Leit en général net ze vill schlecht geet, an dass ganz vill Leit Verträg hu mat Assurance-recoursen dran, wouduerch se hir Prozesser bezuelt kréien, wat sécherlech en Deel vun der Erklärung ass, firwat zu Lëtzebuerg inlassablement d'Zuel vun deene klengen Affären, och strofrechtlech Affären, déi um Geriicht passéieren, eropgeet.

Den Développement vun der Médiation pénale wär also och eng Incitatioun zur Autonomie vum Bierger, well et hie géif opfuerdere selwer säin Deel bäizedroen an sech aus deene kritesche Situatiounen an deenen hien dran ass oder dra war oder an déi hie sech eramanövréiert huet erauszebréngen. Et ass awer kloer, dass d'Mediatioun eleng, och wa se besser fonctionnéiere géing wéi dat de Fall ass, net géif duer goe fir d'Problemer vu Retarden um Geriicht opzeschaffen.

Et géing op jidde Fall awer emol hëllefen, wann iwwert dat eraus, wat am Gesetz vun 1999 steet, eng Reform kéint kommen iwwert de Fong vum Fonctionnement vun der Mediatioun. Wann, wéi an der Belsch zum Beispill, gläichzäiteg mam Gesetz e Service de médiation um Geriicht selwer geschafe géif ginn, wou an Zesummenaarbecht zwëschent dem Parquet, de Riichteren an deene Leit vum Service de médiation gekuckt gi géif fir Kritären auszeschaffen no deenen d'Affäre sollen an d'Mediatioun goen. Do kënnt och e Suivi gemaach ginn iwwert d'Mediatioun an och iwwert d'Exécutioun vun deenen Accords de médiation, déi kommen.

Et ass och esou, dass an der Belsch gläichzäiteg op all Tribunal ee Responsable genannt ginn ass fir déi Médiation pénale, an dass och um Ministère Kriminologe genannt gi si fir eppes ze entwéckele wéi eng richteg Politique de médiation criminelle respectivement de justice restaurative.

All déi Saache feelen zu Lëtzebuerg, wéi zu Lëtzebuerg och d'Sensibilisatioun vun de Professionelle feelt, net nëmme bei deene vum Droit, mä och bei den Enseignanten a bei den Educateuren, fir iwwert dëse Moyen social u Problemer erun ze goen. Et feelt d'Formatioun vun de Professionellen um Terrain trotz dem Master européen en médiation, deen op der Uni Lëtzebuerg dëst Joer ugaangen ass. Deen eleng bréngt et sécherlech net fäerdeg fir Praktiker um Terrain a méiglechst kuerzer Zäit an a genügender Zuel ervirzebréngen.

Ech denken dofir och, dass et net duer geet mat deene puer Saachen, déi ech elo opgezielt hunn, vu Reforme vun der Mediatioun, wann een net och bereet ass sech d'Moyene vu sengen Ambitiounen ze ginn. Dat ass bis elo op jidde Fall, wat d'Mediatioun ubelaangt, net de Fall gewiescht, weder wat d'Personal ubelaangt, nach wat d'Suen ubelaangt. Ech wëll dobäi just ee Saz aus dem Reglement zum Gesetz vun 1999 zitéieren, wou d'Honorairë fixéiert gi fir eng Mediatioun a wou den Taux horaire vun enger Mediatioun manner héich ass wéi den Taux vun der Assistance judiciaire fir en Affekot, deen nach am Stage ass.

Esou développéiert een net Iddien, esou spuert ee keng Suen, well wann een ausrechent wat d'Zäit kascht, déi um Geriicht ka gespuert ginn iwwert de Wee vun enger Mediatioun, da mengen ech misst een och hei raisonnabel bleiwen, besonnesch da wann ee weess, dass et net duer geet dass déi Leit eng Basisformatioun hunn, mä wa se uerdentlech schaffe sollen, se och eng Zousazformatioun hunn, fir domadder herno manner ze verdénge wéi ee Stagiaire an der Assistance judiciaire. Dat ass ganz einfach net realistesch.

Ech wëll hei um Passage de Centre de médiation vum Lëtzebuerger Barreau saluéiere wéi Äre Projet de loi, Här Minister, deen Der am Kader vun der Deklaratioun vun der Lag zu der Natioun hei déposéiert hutt iwwert de Statut vun de Victimen an iwwert d'Protectioun vun den Témoinë viru Geriicht. Dat ass e ganz interessant Gesetz, an ech hoffen dass d'Regierung et fäerdeg bréngt deen Text, dee komplizéiert ass an dee laang gebraucht huet fir ausgeschafft ze ginn, op d'Prioritéitelëscht ze setzen, fir dass et net nach e puer Joer dauert bis mer déi Décision-cadre, déi mer virun zwee Joer, mengen ech, hätte missen ëmgesat hunn, zu Lëtzebuerg och ëmgesat kréien.

Ech déposéieren hei eppes à l'intention vum Justizminister, well ech jo net kann dorobber goen an him dat an de Grapp drécke kann. Et ass eng Invitatioun op e Séminaire iwwert d'Médiation pénale, iwwert d'Theorie an d'Praxis an Europa, wou et wichteg wier, dass vun allen Tribunäl déi Leit vum Parquet an déi Riichteren, déi sech mat deenen Affären ofginn, géingen déi Invitatioun do virugereecht kréien, fir sech e bësse schlau ze maachen zesumme mat Leit, déi an dësem Domän scho méi eng grouss Praxis hu wéi dat zu Lëtzebuerg de Fall ass.

Iwwert d'Mediatioun eraus ass et natierlech esou, dass et misst fir eng Justiz, déi méi no beim Bierger wär, esou sinn, dass all Gesetzesiwwertriedung misst eng systematesch Äntwert kréien, wat net heesche wëllt, dass all Fait eng systematesch Äntwert iwwert en Uerteel kréie soll. Et wär awer logesch, dass och niewent dem Classement eng Poursuite komme géing, an deem Sënn dass zum Beispill direkt no de Faiten oder ganz kuerz Zäit drop en Entretien um Parquet stattfanne géif, op jidde Fall ëmmer dann, wann e Classement envisagéiert gëtt, wann eng Infraktioun do ass, vun deenen d'Faiten unerkannt sinn a wann et eng Victime gëtt, déi e Schued erlidden huet.

De Fait, dass e Mënsch vum Parquet sech géif mat deene Leit zesummesetzen, sech ulauschtere géif wéi d'Situatioun ass, eventuell kucke géif wéi et mat der Indemnisatioun vum Schued vun der Victime steet an dann eventuell erkläre géif, dass, wann de Schued bezuelt gëtt, een dann envisagéiere kéint e Classement vun dëser Affär ze kréien, da géing een där Victime ëm déi et geet an déi heiansdo net versteet firwat hir Affär net weidergeet vläicht d'Geschehnisser vun der Justiz e bësse méi no bréngen an e bësse méi Versteesdemech bei de Leit suscitéieren.

Ech denken, dass esou Gestë wéi déi heite beispillsweis an aner Gestë wéi déi, déi am Gesetzesprojet stinn, deen elo viru kuerzem déposéiert ginn ass, dozou bäidroe géifen, dat vaagt oder dat diffuust Insécuritéitsgefill sécherlech ze verbesseren.

Eng zweet méiglech Äntwert wär a mengen Ae fir Spezialisten ze recrutéieren en matière économique a Comptablen, déi dem Parquet, de Geriichter an den Ënnersuchungsriichter haaptsächlech kéinten zur Säit stoen, fir hinne fachméisseg Hëllef ze gi bei der Opklärung vun deene schwieregen Affären, déi jo am mannste schnell weiderkommen, well se eben zäitraubend sinn, well se komplizéiert ginn, well Expertisen a Konterexpertisë kommen a gefrot ginn, déi net ëmmer einfach ze analyséiere sinn. Déi Leit missten net alleguerte Juriste sinn, si missten och net alleguerte verbeamtet ginn, si kéinten awer, mengen ech, dozou bäidroen, dass och déi wichteg Affären hei zu Lëtzebuerg géifen an engem akzeptablen Délai iwwert d'Bühn goen.

***(Interruption)***

Ech hunn nach zwou Minutten.

***(Interruption)***

Neen, ech hu keng zwou Minutte méi.

**M. le Président**.- Kommt zum Schluss, Madame Err.

**Mme Lydie Err** *(LSAP)*.- Ech hunn nach eng Säit mat zwou Iddien, Här President, wann ech déi nach kéint soen.

Eng aner Méiglechkeet wär déi fir d'Ënnersuchungsriichteren ze déchargéieren andeem een net ëmmer all Affär am Cabinet d'instruction géing loossen, wou aus iergendwelleche prozeduralen Ursaachen eraus eng Kéier e Mandat vum Untersuchungsriichter huet misse kommen. Da gëtt et eng aner Iddi, déi och de Moment a Frankräich diskutéiert gëtt, dat wär déi Iddi vum Plaider-coupable oder vun der Transaction en matière pénale, déi een dann op jidde Fall emol undiskutéiere kéint, ënnert de Bedingungen, datt d'Faiten unerkannt wären, datt Affekote bei där Négociatioun do akzeptéiert sinn, wann et sech net ëm Mineuren handelt, wann en Délai de réflexion approprié besteet fir iwwert déi Propositiounen do oder déi Négociatiounen nozedenken a wann et eng Victime ass, déi unerkannt ass an där hire Schuedenersatz ënnerwee ass.

Eng Strof kéint an deem Fall duerch de Parquet proposéiert ginn, wou och de Sursis à semi-liberté kéint dobäi bleiwen an esou kéint ouni en normaalt Strofgeriicht, iwwer eng Juridictioun mat engem Juge unique einfach deen Accord, deen tëschent dem Parquet an dem Prévenu do erauskomm ass, entérinéiert ginn. Et ass kloer, dass dat misst geschéien, fir dass dee Fait pénal, dee geschitt ass, kann a Considératioun geholl gi fir de Casier a fir d'Récidive.

Iwwregens hätt dat och missen esou bei der Mediatioun gemaach ginn, well et weess een elo zum Beispill net, ob eng Mediatioun bei deemselwechte fir d'zweet méiglech ass, ob et an de Casier kënnt, ob eng Aggravatioun vun engem Schued eng nei Affär géif opmaachen oder net. Fir all déi Froen do ze léisen, mengen ech, wär et kloer esou Négociatioun duerch en Uerteel ofzeschléissen.

Déi sechsten Iddi war déi vun der Comparutioun, ech hu se och kuerz ugeschwat, ech hunn elo keng Zäit méi dorobber anzegoen. Déi Comparutioun um Parquet géing et sécherlech och erlaben, de Leit déi Prozeduren e wéineg méi schmackhaft ze maache wéi dat normalerweis beim Bierger dobaussen de Fall ass, deen net verstoe ka firwat seng eegen Affär net weidergeet, wann hien eng ähnlech Affär, ähnlech a sengen Aen op jidde Fall, vun engem Bekannte kennt, déi weidergaangen ass.

Et wär villes ze soen ënner anerem och nach zum Punkteführerschäin, mä ech hu meng Zäit jo schonn iwerschratt an ech halen da mat der sechster Iddi op an hoffen, dass déi eng oder déi aner vun deenen Iddië wéinstens eng Kéier d'Honneure kritt vun der Commission juridique, déi jo net begeeschtert war fir an dëser wichteger Matière emol e Rapport fir haut ze maachen. Och wann dat net sollt de Fall sinn, esou wëll ech heimadder ukënnegen, dass deemnächst aus der sozialistescher Fraktioun eng Proposition de loi kënnt iwwert d'Reform vum Mediatiounsgesetz.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Laurent Mosar** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi ëmmer méi grouss Délaien an de Geriichtsprozeduren, besonnesch um strofrechtleche Plang, sinn en Thema, dat d'Justiz awer och d'Politik net eréischt säit gëschter an haut beschäftegt. Säit den 80er Joren huet d'Zuel vun den Affäre sech verdräifacht, wat dann och explizéiert firwat d'Retarden, besonnesch am Strofberäich, ëmmer méi grouss ginn. Dës ongesond Situatioun kann och d'Politik net einfach als Fatalitéit akzeptéieren, dëst aus haaptsächlech zwou Iwwerleeungen eraus.

Éischtens déi souwisou net ëmmer positiv Meenung, déi vill Matbierger iwwert d'Justiz hunn, gëtt sécherlech duerch déi iwwerlaang Délaien net verbessert. Dobäi kënnt, dass dat wéinegt Vertrauen, wat vill Bierger am Allgemengen an eis Institutiounen, mä besonnesch an eis Justiz hunn, ëmmer méi zerbréckelt, wat op där anerer Säit erëm verschidde Bierger an hirer Iwwerzeegung verstäerkt sech hiert Recht iwwer aner Weeër ze sichen.

Eng zweet Iwwerleeung ass awer déi, dass haut all Bierger d'Méiglechkeet huet fir un d'Europäesch Mënscherechtscour op Stroossbuerg ze goe fir do säi Recht anzekloen an engem raisonnablen Délai säi Prozess kënnen iwwert d'Bühn ze kréien. Wann een d'Jurisprudenz vun dëser Cour iwwert déi lescht puer Méint a Joren e bësse méi eingiebeg studéiert, esou muss ee feststellen datt ëmmer méi Bierger vun dësem Recht Gebrauch maachen, wat dann och dozou féiert, dass ëmmer méi Décisiounen och vu lëtzebuergesche Geriichtsbarkeete riskéieren an Zukunft annuléiert ze ginn.

D'juristesch Kommissioun huet sech mat dëser Problematik befaasst an och versicht op Ursaachen heivun anzegoen, mä si huet awer och konkret Léisungsvirschléi zesumme mat de Procureuren aus der Stad a vun Dikrech diskutéiert. De Constat, deen een am Beräich vum Strofrecht maache muss, ass deen, dass et eigentlech wéineg Problemer gëtt um Niveau vun de Contraventiounen a bei Schwéierverbriechen. Do, wou et haaptsächlech Schwieregkeete gëtt, ass am Kader vun der Wirtschafts- a Finanzkriminalitéit, wou et oft Joren dauert ier eng Affär endlech verhandlungsräif ass.

Mä och fir dës sécherlech onzefridde Situatioun gëtt et eng Rei vu logeschen Explikatiounen, déi souwuel mat der ëmmer méi grousser Komplexitéit vun deem Genre Affären ze dinn huet, wat sech souwuel um Niveau vun den Enquêtë wéi awer och ganz besonnesch vun den Expertisë weist. Dobäi kënnt, dass um Niveau vun der Instructioun déi Leit, déi bei der Police judiciaire mat deenen Dossiere befaasst ginn, net ëmmer déi noutwendeg Formatioun hunn, déi d'Instructioun vun esou komplexen Dossiere viraussetzt.

Wann een dee leschte Rapport d'activité, deen och scho vun der Madame Err hei zitéiert ginn ass, noliest, da stellt ee fest dass haut schonn an der Moyenne all Untersuchungsriichter 200 Dossiere muss instruéieren, an dëser Zuel net matgerechent d'Commissionrogatoiren, déi och Tendenz hunn, besonnesch um Niveau vum Blanchiment, substanziell an d'Luucht ze goen.

Niewent dëse Finanz- a Wirtschaftsdossiere gëtt et dann awer och nach eng aner Kategorie vun Infraktiounen, déi, och wa se d'öffentlech Meenung net fundamental perturbéieren, dach fir déi betraffe Persounen oft mat villen Onannehmlechkeete verbonne sinn. Ech denken do un Infraktioune wéi: Vol, Abus de confiance, Faux et usage de faux, déi oft jorelaang an engem Tirang verstëbsen ier se dann no enger Onzuel vu Rappele mat e bësse Chance vun engem Vertrieder vum Parquet aus deem berühmten Tirang oder Koup erëm erausgekroopt ginn.

Och wann ech vollt Verständnis hunn an novollzéie kann, dass fir de Parquet aner Affäre Prioritéit ageraumt kréien, esou muss een dach gesinn, dass et fir den eenzelne Justiciable oft schwéier verständlech ass, datt säin Dossier, dee fir hie jo souwisou ëmmer deen allerwichtegsten ass, einfach net vun der Plaz kënnt, wat verständlecherweis zu grousser Frustratioun, besonnesch bei Affer vun esou Infraktioune féiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn haut an hei d'Zäit net fir am Detail op all Léisungsvirschléi anzegoen, nach wëll ech versichen an deene puer Minutten, déi mer nach bleiwen, kuerz e puer esou Léisungsvirschléi opzezeechnen.

D'Opstockung vun den Effektiver am Strofberäich ass sécherlech ee Mëttel, an de Justizminister huet jo dann och am Programme pluriannuel iwwert déi nächst Joren eng Verstäerkung, zum Beispill vun der Police judiciaire vun 20 zousätzleche Persounen, festgeschriwwen. Och um Niveau vum Tribunal a vum Parquet ass et an de leschte Joren zu enger substanzieller Opstockung vun den Effektiver komm vu fënnef op néng Untersuchungsriichter säit 1993 a vu 14 op 19 Leit um Niveau vum Parquet. Begréisse wëll ech och hei d'Aussoe vun eisem Statsminister, deen a senger Deklaratioun zur Lag vun der Nation doranner besteet, datt si d'Retarde géréieren, wat natierlech och keng flott Missioun fir si ass a wou och si méi wéi eng Kéier d'Flemm kréien, wa se mengen elo hunn ech mech kënnen an en Dossier aschaffen, da kënnt erëm iergendeng Commission rogatoire oder eng aner wichteg Affär, wou eng Détention préventive ass a wou dann och mussen déi néideg Décisioune geholl ginn.

Dann ass et natierlech esou, datt all Prozedure virum Untersuchungsriichter leien an och d'Police judiciaire natierlech Problemer hu fir deenen opgestockten Dossieren alleguerten nozekommen.

D'Léisungsvirschléi, déi ech am Numm vu menger Fraktioun virbrénge wollt, iwwerschneide sech a villem mat deenen, déi d'Madame Err an den Här Mosar de Mëtteg elo ewell hei virgedroen hunn. Éischtens sinn et d'Infrastrukturen, déi mer mussen de Geriichter zoukomme loossen: Infrastructures immobilières et mobilières, wéi ech se emol géif betitelen. Ech menge mir wësse jo all, datt et nach wäert Joren daueren ier mer eis Geriichtsgebaier do stoen hunn. Dat léisst eis net aus der Verantwortung, datt d'Infrastructure mobilière onbedéngt klappe muss. Ech denken do besonnesch u Computeren, déi onbedéngt mussen eise Magistraten an ausreechender Zuel an zu hirem vollste Versteesdemech dohinner gestallt ginn, fir datt si domat schaffe grad esou gutt wéi déi en col blanc, well déi sinn natierlech extrem gutt organiséiert an déi wësse ganz dacks och extrem gutt domat ëmzegoen.

Da kommen ech op ee Volet, deen och net ze ënnerschätzen ass, dat ass menger Meenung no d'Ausbildung an och d'Weiderausbildung vun de Magistraten. Dat ass e Volet, deen net ze ënnerschätzen ass an deen onbedéngt organiséiert gi muss. Ech weess net, ob mer sollen driwwer nodenke fir eng Ecole de la magistrature hei am Land ze maachen, mä nach ass d'Weiderbildung menger Meenung no och en Thema fir d'Magistratur, fir all Beruffszweig, och fir si. Wann een elo seet Weiderbildung, dann ass et ee Problem, deen dann elo kënnt, an dat ass dee vum Opstocke vum Personal.

Ech begréissen et hei ausdrécklech dass e Projet de loi deponéiert ginn ass, wou dräi Untersuchungsriichteren hei an der Stad bäikommen, mä ech mengen dass dat eleng net duer gëtt, besonnesch wann ee vu Weiderbildung schwätzt. Weiderbildung maachen natierlech d'Magistraten och nëmmen, wa se sécher sinn, datt während där Zäit hire Service viruleeft. Wann de Service während där Zäit dann hält, wou si hir Formatioun sollen offréiert kréien, da muss een och all Magistrat verstoen, dee seet: Neen, ech maache léiwer meng Dossieren, wéi datt ech ech weess net wouhi gi fir eng Formatioun mat ze maachen.

E spezielle Problem vun der Magistratur vun Dikrech wollt ech awer och signaléieren. Déi hu vläicht manner de Problem an der Magistrature debout, mä déi hu méi e grousse Problem an der Magistrature assise, wou de Problem esou ass, dass si an der Magistrature assise relativ ënnerbesat sinn, wat dozou féiert, dass déi vum Pénal ganz dacks mussen iwwergräifen op den Zivil an op de Commercial, ganz dacks och Juge de la jeunesse spille mussen, esou datt si dann do Retarde kréien.

Ech mengen, ier dann zu Dikrech d'Kand definitiv am Pëtz läit, sollt een och vläicht do déi néideg Mesuren ergräife fir hinnen zurzäit ënnert d'Äerm ze gräifen, ier et definitiv do ze spéit ass.

Dann ass et natierlech och esou datt ech der Meenung sinn, datt mer mussen un eise Prozedure schaffen. Éischtens an der Mediatioun, do krute mer effektiv vum Procureur général hei aus der Stad gesot, dass do relativ wéineg drop

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

**Mme Agny Durdu** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir bei dësem Thema a fënnef Minutten den Tour d'horizon ze maachen ass relativ komplizéiert, mä ech probéieren nawell et am Stenoverfahren ze maachen.

Mir hunn am Fong geholl d'Problematik vun eisem Système juridique an zwou Kommissioune beliicht, nämlech an där vun der Commission des pétitions, wou mer am Fong geholl méi d'Justiz beliicht hu vun den Ae vun der Victime aus, an an der Commission juridique, wou mer ënnert anerem déi zwee Procureuren, de Procureur général aus der Stad an de Procureur vun Dikrech, gehéiert hunn.

Ech gi besonnesch op de leschte Volet an a ganz besonnesch wann een déi zwee Procureure kennt, da weess ee mat wéi vill Engagement déi zwee hirer Tâche journalière nokommen a mat wéi vill Engagement datt se schaffen.

D'Iwwerleeungen an d'Retarden, déi mer an der Matière pénale considéréieren a feststelle kënnen, sinn op e puer Grënn zréckzefeiéieren.

Et ass festgestallt ginn, datt am Domän vun de Contraventiounen an an deem, wat een nennt Crime de sang, d'Instruktioun relativ séier vonstatte geet. Méi komplizéiert gëtt et soubal d'Affären e bësse méi komplizéiert ginn. Besonnesch d'Criminalité économique et financière, d'Criminalité en col blanc, wéi se ëmmer genannt gëtt, ass deen Domän, wou am Fong geholl d'Instruktioune sech am längsten an d'Jugementer sech och am längsten hinzéien. Firwat ass dat esou?

Dat ass am Fong geholl e Froekomplex, dee komplizéiert ass. Éischtens ass et esou, dass d'Affären am globale Volume ganz einfach zouhuelen. Mir hunn nun emol eng ekonomesch a wirtschaftlech Plaz, déi grouss ass, da ginn d'Infraktiounen natierlech och an d'Luucht. 70% vun den Infraktiounen iwwerhaapt sinn Infraktiounen um Code de la route. Dann ass et natierlech esou, dass déi Dossieren, wou Détentions provisoires dra sinn an do wou eng Commission rogatoire gefrot ginn ass, absolut Prioritéit kréien, an dann ass et automatesch dass all déi aner Affären erëm hannen op de Koup rutschen.

Dann ass et natierlech och esou, datt bei ganz villen Dossieren, wou Delikter sinn, Expertisë gefrot ginn. Wann een Expertisë seet, da ginn et erëm Konterexpertisen. All déi Affairen de col blanc, do geet et gewéinlech ëm ganz vill Geld, dat bedeit datt ganz vill Recoursen an erëm Konterrecoursë gemaach gi vun den implizéierten an interesséierte Parteien. An dann ass et natierlech esou, wat och ewell heibanne festgestallt ginn ass, dass all Affäre vun engem bestëmmten Degré un iwwert de Büro vun engem Instruktiounsriichter lafe mussen.

De Problem ass deen datt festgestallt gëtt, datt an der Moyenne en Instruktiounsriichter 200 Affäre pro Joer suivéiere muss, esou datt ganz dacks hir Aarbecht momentan

Eng Rei Pisten opzezeechnen, déi mer och an deenen Entrevuë mat de Procureure scho verdéift haten an déi och elo schonn deelweis vun der Madame Err hei énuméréiert gi sinn.

Eng éischt Pist ass sécherlech déi ze versichen den Untersuchungsriichter ze déchargéieren an hien net méi systematesch mat allméiglechen Affären ze befaassen. Hei kënnt ee sech um Modell vun de franséischen, respektiv de belsche Parqueten orientéieren, déi eng ganz Rei Dossiere guer net méi bei den Untersuchungsriichter iwwermëttelen, mä se direkt vun der Police, respektiv vum Parquet instruéiere loossen. Dëst géif eis et also erlaben, datt den Untersuchungsriichter sech an Zukunft net méi misst mat all Bistroskläpperei befaassen, mä sech kéint op déi wichteg Dossiere konzentréieren.

Eng zweet Optioun ass d'Méiglechkeet vun der Transactioun am Strofberäich. Och dëst schéngt mer en interessante Wee ze si fir verschidde Juridictiounen ze entlaaschten. Nach muss een awer genau iwwerleeë wat fir eng Zort vun Affären een iwwer esou eng Transactioun kéint aussergeriichtlech arrangéieren.

Eng drëtt Pist wär dann déi vun deene sougenanntene Procédures accélérées - d'Madame Err huet schonn dovu geschwat -, wou den Auteur vun enger Infractioun schonn e puer Deeg nodeem hie seng Dot begaangen huet vun engem Geriicht jugéiert gëtt. Dës Prozedur, déi notamment a Frankräich mat engem gewëssenen Erfolleg applizéiert gëtt, wërft natierlech eng Rei vu méi fundamentale Froen op, besonnesch wat d'Rechter vun der Verteidigung ugeet.

Ech si mer dann och bewosst, dass dës Procédure accélérée keen Allheelmëttel ass, mä awer trotzdeem kann an enger Rei vun Infractiounen, wou e flagrant délit virläit, zum Beispill géint de Code de la route oder bei Kläppereien, relativ schnell an ouni laang Instructiounen en Uerteel ergoen.

Den Avantage vun esou enger Prozedur läit sécherlech op dem educativen Niveau, well een Uerteel, respektiv eng Strof, déi esou en Uerteel festhält, erwisenermoosse manner dissuasive ass wat den Zäitpunkt heivu méi wäit ewech ass vun deem, wou d'Dot begaange ginn ass.

Här President, dëst féiert mech dann zu mengem allerleschte Punkt, nämlech deem vum Statut vum Affer. Och dëst ass e wichtege Mosaiksteen an engem gutt fonctionnéierende Justizapparat. Bis elo ass leider Gottes d'Affer, besonnesch vu Gewaltverbriechen, oft nëmmen als noutwendegt Iwwel an engem Strofprozess considéréiert ginn, wou et just als Zeie kann aussoen a soss absolut keng aner Rechter huet, ausser et géif sech dann Zivilpartei constituéieren.

Bei all Infractioun gëtt et en Täter an en Affer an d'Rechter vum Affer

zréckgegraff gëtt, ënner anerem och well do relativ onkloer ass, wéini datt ee soll, duerf oder muss op déi Prozedur zréckgräifen. Ech sinn der Meenung, dass mer dat Gesetz nach musse reforméieren. Wann dat sollt de Problem an deem dote Beräich sinn, da sollt een och d'Prozedure vereinfachen.

Hei ass elo gesot ginn, bei all Geleeënheet muss den Untersuchungsriichter agräifen. Ech sinn och der Meenung, datt et e ganze Koup Affäre gëtt, wou net onbedéngt muss eng laangwiereg Prozedur an eng laang Instruktioun sinn, also sollt een no Méiglechkeet och do dem Instruktiounsriichter seng Aarbecht erliichteren oder hie souguer dovunner entbannen, mä dat hänkt ëmmer vun den eenzelne Fäll of, well ech mengen eng Instruktioun muss ëmmer à charge et à décharge jo vum Inculpé gemaach ginn, also däerf een d'Wichtegkeet vun engem Instruktiounsriichter kengesfalls ënnerschätzen.

Dann ass et och esou, datt mer eis mussen dozou hiloossen och vläicht op Prozeduren zréckzegräifen, wou mir eis e bësse schwéier domadder dinn, well se eis friem sinn. Ech denken un d'Transactiounen. Ech denken un d'Comparution immédiate, wou mer da gesot kréie Comparution immédiate, jo, mä normalerweis gëtt e Procès-verbal geschriwwen an da muss deen zirkuléieren an da sinn ewell geméinlech dräi Méint vergaangen. Och do misst ee sech vläicht da Moyenen zoukomme loosse bei bestëmmten Affären, wou d'Faitë kloer sinn, datt een nawell mat Comparutions immédiates fuere kann.

Dann d'Transactiounen. Ech wëll elo net onbedéngt op den amerikanesche System erauskommen, wou Onsumme Geld da bezuelt ginn. Ech mengen, dat ass net onbedéngt d'Léisung par excellence, mä och do sinn ech der Meenung, datt d'Transactiounen en Thema sinn, wat een net sollt ënnerschätzen.

Dann och e franséische System, dee vum Aveu, wou een Inculpé, wann en den Aveu mécht, zu enger méi niddreger Strof dann och condamnéiert gëtt. Ech mengen, dat sinn alles Moyenen déi ee kann a soll ergräifen, déi een op alle Fall soll studéieren, esou datt ech mech an deem Sënn och menge Virriedner hei uschléissen.

Zum Ofschloss wollt ech soen: Wann och eng DP, awer net nëmmen d'DP, mä iwwerhaapt d'Parteien an enger Demokratie vun engem Rechtsstat schwätzen, da musse mer och dem Rechtsstat déi néideg Moyene ginn an déi néideg Méiglechkeete gi fir als Rechtsstat ze fonctionnéieren. Ech mengen, déi Lacunen, déi do sinn, musse mer dann och esou séier wéi méiglech opgräifen, well déi jorelaang Instruktiounen, déi een heiansdo huet, wou dann d'Zeien entweder gestuerwe sinn, respektiv sech net méi un d'Faiten erënneren, sinn net am Intérêt vum Inculpé, …

***(Coups de cloche de la Présidence)***

…well net all Inculpé ass dorunner interesséiert dass säin Dossier schleeft, respektiv verschleefe gelooss gëtt. Ech mengen, et ass virun allem net am Intérêt vun der Justiz an hirer Glafwierdegkeet, well wann dobaussen am Vollek oder dobausse beim Commun des mortels bis d'Bild entsteet: Ah jo, déi déck Fësch, wann et bis komplizéiert gëtt, da loosse se déi léiwer schwamme wéi sech an eng Instruktioun eranzeginn, an déi kleng Fësch kréien op d'Fanger geklappt. Wann dat Bild bis dobaussen entstanen ass, dat ass net gutt, dat ass menger Meenung no net positiv an deem solle mer mat Zäit entgéint wierken.

Ech soe merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een an de leschte Joren d'Rapports d'activité gelies huet vum Ministère de la Justice an haaptsächlech vum Parquet, an dat elo scho bal iwwer zéng, fofzéng Joer laang, da gesäit een, datt sech ëmmer ganz batter beklot ginn ass iwwert d'Lenteure vun der Justiz.

Dat huet Traditioun. D'sozialistesch Kolleege wëssen dat nach vun der Zäit, wou se an der Regierung waren, esou datt an där ganzer vergaangener Zäit net vill geschitt ass. Et ass elo, well d'Délaie wierklech ze vill grouss gi sinn an der leschter Zäit, vun der Regierung d'Initiativ geholl gi fir verschidde Leit anzestellen, mä fundamental huet sech awer näischt geännert a wäert sech och näischt änneren. Wuerfir? Well mer elo schonn unhand vun e puer Zuele kënne gesinn, datt d'Donnéeën net esou liicht ze léise si mat nëmmen e puer Leit méi an der Magistratur.

Bei den Délitë waren am Exercice 1999/2000 831 Informatiounen, zwee Joer méi spéit sinn et der 1.873 an 327 Commissions rogatoires. Et gesäit een, datt ongefeier d'Halschent nëmme vun deenen Informatiounen, déi vum Untersuchungsriichter gemaach ginn, effektiv am Laf vum Joer fäerdeg gestallt ginn.

Am schlëmmsten ass et bei der Criminalité économique et financière. Do gesäit een, datt wann d'Affär nëmmen e bësse méi komplex ass, da geet iwwerhaapt näischt méi, dann dauert et sechs, siwen, aacht, néng, zéng Joer. Et ass do, wou alleguerten déi Leit, déi d'Affer si vun esou Faiten, sech iergeren a wou Lëtzebuerg scho widderholl condamnéiert ginn ass virum Tribunal des Droits de l'Homme zu Stroossbuerg. Ech mengen do mussen och manifestement Änneruнge kommen. D'Mediatioun wäert op jidde Fall bei der Criminalité économique et financière a bei deene meeschten Delikter, wou e Juge d'instruction ageschalt gëtt, näischt léisen.

Wat ee muss vir huele, dat sinn déi Saachen, déi mer elo scho jorelaang hei fuerderen, an zwar datt ee fir d'éischt verschidde Prozedure simplifiéiert fir zum Beispill an der Criminalité économique et financière net all Kéiers iwwert all Deel vun engem Delikt kënnen oder missen ze instruéieren, mä deen Ableck, wou e faux bilan beispillsweis festgestallt ginn ass, schonn eng Condamnatioun erfollege kann, an datt een net nach aner Saache fir d'éischt duerchzéie muss. An där Zäit gesäit een nämlech, datt déi Persoun, déi inculpéiert ass, ganz oft nach mat weidere Geschäfter handele kann. Wa se condamnéiert wier, da wier hir all ekonomesch, all wirtschaftlech, all kommerziell Aktivitéit ënnerbonnen.

Da gesäit een och, datt de Problem ganz grouss ass bei dem Personal vun der Police judiciaire, speziell bei deem vun der Section économique et financière. Et ass do wou massiv investéiert gi muss. Da muss och gekuckt gi fir d'Accèsen un déi Données administratives, déi bestinn, iwwer Internet oder Intranet ze facilitéieren, anstatt datt wéinst esou Problemer d'Enquêten onnëtz verlängert ginn.

Et ass vläicht nach wichteg, datt wann en Zeien an enger Affär am Prisong gehéiert gëtt, an enger Affär wou hie selwer net riskéiert inculpéiert ze ginn, dat ouni Ordonnance vum Juge d'instruction geschéie misst. Et gesäit een heiansdo, datt wéinst esou enger Affär e ganzen Nomëtteg verluere geet fir zwee Instrukteuren, fir een eenzegen Témoin am Prisong ze héieren. Ech mengen och, datt ee misst envisagéiere fir de Juge unique bei verschiddenen Infraktiounen nach weider auszedehnen.

Dat waren déi Problemer, déi bestinn, an dat waren déi Suggestiounen, déi mer wollte maachen. Ech hoffen, datt d'Regierung no deene villen a laange Joren, wou mer all Kéier datselwecht monéiert hunn, nach weider Efforte mécht fir dat dote kënnen an d'Rei ze bréngen.

D'Leit dobaussen erwaarde sech vun ons, datt mer eng gutt Justiz hunn, an déi hu mer augenblécklech um Niveau pénal, wat d'Durée ugeet, net.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wëll fir d'éischt ufänken ze schwätzen iwwert déi Affären, déi mat Juges d'instruction instruéiert ginn, wat sécherlech e grousse Problem duerstellt aus e puer Grënn.

Ech ginn dem Här Mosar sécherlech Recht, wann hie seet, datt et falsch wier fir sech et einfach ze maachen an nëmmen ze soen dat hätt domat ze dinn, well bei de Juges d'instruction e Manque u Personnel do wier, mä ech muss him awer dobäi soen, datt dat awer sécherlech och en Deel vum Problem ass, och wann et nach e puer anerer dobäi gëtt, op déi ech nach wäert ze schwätze kommen.

Well wann ech gesinn, wat fir eng Situatioun mer do virfannen, da musse mer feststellen, dass d'Juges d'instruction de Moment éischtens vill ze vill Dossieren hunn, datt si och gläichzäiteg nach mussen d'Verhéiere maachen, datt si oft, wéi den Här Mosar selwer hei richteg bemierkt huet, konfrontéiert si mat komplizéierte Situatiounen, och duerch eis Finanzplaz, wou oft Commissions rogatoires internationales unhängeg sinn a wou Recherchen noutwendeg sinn am Ausland, déi jo net kënne gemaach gi vun deenen dote Juges d'instruction selwer, mä déi da vun auslännesche Juges d'instruction gemaach ginn.

Wann een da weess, zum Beispill de Fall datt se oft am Ausland net onbedéngt als déi gréisste Prioritéit ugesi gëtt vun deene betreffende Juges d'instruction, an dann ass et och kloer datt eleng dat beleet, datt eigentlech déi Juges d'instruction, déi mer de Moment hunn, och vun der Zuel hier, nach ëmmer net ausräichend sinn, vu och d'Komplexitéit vun den Dossieren, mat deene se konfrontéiert sinn.

En anere Problem ass zum Beispill deen, datt se de Moment funktionéieren andeem se eng Permanence hu wou se all Woch rotéieren, dat heescht all Woch huet en anere Juge d'instruction Permanence, wat dozou féiert datt dee quasi op Abruf ëmmer muss prett sinn, wat weider dozou féiert datt all nei Dossieren, déi während där Woch erakommen, fir d'éischt bei dee kommen, an dee muss dann d'Aarbecht weider verdeelen, wat natierlech erëm dozou féiert, datt deejéinege während där Woch wahrscheinlech a sengen eegenen Dossiere net vill ka maachen, wat och net dozou bäidréit, datt et méi séier geet.

Da kënnt nach derbäi, datt vill Dossieren oft ënnerschat ginn an doduerch och verschidden Délaie falsch gesat gi wéi d'Affären ofgeweckelt solle ginn. Mir hunn dat an deene leschte Joren oft misse feststellen, datt mer eng ganz Rei Affären haten, déi immens laang gedauert hunn, well sech komplett verschat ginn ass vun Ufank u bei der Opstellung iwwert d'Envergure an d'Komplexitéit vun den Dossieren, an dat huet natierlech direkt mat deem anere Volet ze dinn, deen och schonn ugeschwat ginn ass, nämlech datt eigentlech net genuch Leit do sinn déi spezialiséiert si wat hir Formatioun ubelaangt, haaptsächlech an der Wirtschaftskriminalitéit, wat jo ee Volet ass mat deem mir zu Lëtzebuerg vill konfrontéiert sinn a wou eiser Meenung no net genuch Leit déi adequat Ausbildung hunn, fir do kënnen anzesprangen. Dohier kann et dann och kommen, datt oft Dossiere falsch ageschat ginn.

Donc misst ee sech natierlech d'Fro stellen, datt et net nëmmen drëms geet driwwer ze diskutéiere fir méi Juges d'instruction anzestellen, respektiv doriwwer eraus de ganze Greffe vum Juge d'instruction, wéi een deen nach weider étoffeiert mat Ressources humaines, déi och gewëssene Qualifikatioune mussen entspriechen, fir de Juge d'instruction kënnen a senger Aarbecht ze ënnerstëtzen.

Dann ee Problem, deen oft virkënnt, deen een oft héiert am Juristemilieu, datt vill Verspéidunge komme well d'Rapporte vun der Police carrément vum juristesche Standpunkt hier voller Mängel sinn oder schlecht verfaasst sinn, an d'Affären dofir oft hin an hier ginn. Dat muss een einfach hei soen. Dat ass net onbedéngt eng Saach vu schlechtem Wëlle vun deene Policebeamten, mä dat huet och ze di mat der Formatioun vun deene Leit. Dat heescht hannert deem ganze Problem verstoppt sech och e gudden Deel Formatioun, déi vernoléissegt ginn ass bei de Leit, vun ënne bis uewe vun der Echelle, déi bei den Instruktiounen täteg sinn. Och do misst een eng Kéier sech iwwerleeën, wéi een do eng aner Situatioun geschafe kritt, fir datt déi dote Mängel kënne behuewe ginn. Et muss een usetzen um Niveau vun der Formatioun.

Dann dee Volet vun Affären, wou kee Juge d'instruction implizéiert ass. Et ass scho vun e puer Leit hei ugeschwat ginn. Et gëtt am Ausland Méiglechkeeten, wéi ee ka vereinfacht Prozedure schafen. Och mir sinn der Meenung, datt dat déi richteg Weeër sinn. Zum Beispill dee vun der aussergeriichtlecher Transaktioun, haaptsächlech bei ganz klenge Vergehen. Mat Sécherheet ass dat ee Wee, deen ee muss analyséieren an deen ee muss goen, well et ass net aliichtend firwat bei verschidde Saachen, déi total evident sinn, déi och emol net vun dem Inculpé a Fro gestallt ginn, do nach musse laang Rapporten an Enquêtë gemaach ginn, firwat et do net méi séier iwwer eng vereinfacht Prozedur kann zu engem Jugement kommen. Sécherlech sinn dat, niewent deem anere Volet vun der Mediatioun, déi d'Madame Err hei ugeschwat huet, zwee Punkten, déi vill kënnen dozou bäidroe fir eis Geriichter insgesamt ze entlaaschten, an doduerch och insgesamt dozou bäizedroen, datt d'Prozedure méi séier ginn.

Wou mir méi skeptesch sinn a wat den Här Mosar och ugeschwat huet, ass dat vun der Procédure accélérée. Hien huet selwer zwar och eng Rei Reserven hei ugemellt, haaptsächlech Reserve well e sech Suerge mécht ëm d'Rechter vun der Verteidegung. Dat sinn och déi Suergen, déi eis éischter méi skeptesch maachen, wann een d'Erfahrungswäerter aus Frankräich kuckt, wou dat dote jo haaptsächlech ugewannt gëtt. Et huet een do och oft Situatiounen, déi alles aneschters wéi gutt si fir eis Justiz, an dofir géinge mer dat awer éischter mat gréisster Reserv betruechten a mat gréisster Virsiicht ugoen. Et ass éischter op deenen anere Punkten, déi ech virdrun opgezielt hunn, wou Handlungsbedarf besteet.

Et sinn eng Rei Efforten an deene leschte Méint a Jore gemaach ginn, och vun dëser Regierung, wou der awer nach ze maache sinn, an ech menge bei alle Riedner eraus gehéiert ze hunn, datt eigentlech een Accord besteet. Mir géingen dofir hoffen, datt d'Regierung géing relativ séier Proposen op den Dësch leeën, an da kéime mer och relativ séier an engem Konsens do weider, fir datt mer dee Malaise kéinten aus der Welt schafen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden,** *Ministre de la Justice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut de Mëtteg gëtt hei eng wichteg Problematik ugeschwat, fir déi et allerdéngs keng einfach Léisung gëtt. An ech muss och zouginn, datt net nëmmen d'Wieder et schwiereg mécht fir heiriwwer am Parlament ze debattéieren, mä och den Inhalt vun der Debatt, well fir iwwert déi eenzel Artikele vum Code d'instruction criminelle ze debattéieren ass d'öffentlech Sitzung vum Parlament net déi beschten an einfachste Plaz, mä ganz sécher méi eng Kommissiounssitzung, wou ee kann Artikel fir Artikel duerchhuelen.

Dobäi kënnt oft d'Schwieregkeet, déi een an dësem Dossier och huet als Justizminister, fir zu verschiddene Punkte Stellung ze huelen, déi ganz kloer an der Kompetenz vun der onofhängeger Magistratur leien. Ech maachen dofir bewosst de Mëtteg keng Aussoen, déi an deem Kontext kéinten an der Kompetenz vun de Riichter sinn, fir déi se eleng zoustänneg sinn.

Mir halen all op d'Séparation des pouvoirs, an déi dierf hei net touchéiert ginn. Do, wou mir zoustänneg sinn, dat si verschidden organisatoresch Aspekter vun der Justiz, an dat ass d'Législatioun. Et ass iwwert déi Punkten, wou mer kënnen heibannen diskutéieren.

Ech begréissen déi ganz konstruktiv Interventiounen, déi de Mëtten hei gemaach gi sinn, an déi sech effektiv, wéi den Här Bausch dat elo grad ënnerstrach huet, op ville Punkten iwwerschneiden. Ech wëll just, datt mer e realistescht Bild vun der Situatioun hunn. Et ass net esou, wéi Verschiddener dat gemengt hunn, datt d'Retarden enorm zougeholl hätten. Retarde gëtt et bei deene ganz komplizéierten Affären. An ech soen lech, datt ech an deene leschte Wochen, och en préparation vun dësem Débat, Débat, dee jo schonn e puermol festgeluecht ginn ass an notamment wéinst menger heiansdo verluecht huet misse ginn, mat auslännesche Kolleegen doriwwer geschwat hunn, an déi sote mer alleguerten, datt et keng einfach Léisungen zu deem dote Problem gëtt an datt si alleguerte bei deene komplizéierten Affären, an notamment an der Matière de criminalité économique et financière, déi gréisste Schwieregkeeten hunn.

Kuckt och nëmmen déi ganz berühmten a vill publizéiert Prozesser am Ausland an deem Beräich. Kuckt déi, déi a Frankräich de Gouverneur vun der Banque de France betreffen. Kuckt déi, déi an Italien den aktuelle Premierminister betreffen. Kuckt emol eng Kéier wéi laang déi Faiten zréckleien. Dat ass einfach, well et enorm komplizéiert ass. Ech kéint lech 50 där Affären zitéieren, déi déi aner Ministere mir genannt hunn, déi gesot hunn, dee Moment, wou et an der Finanzkriminalitéit ganz komplizéiert gëtt, do brauch een einfach schrecklech laang Zäit.

Dofir wëll ech einleitend am Fong soen, datt do, wou d'Problematik ass, mir alles musse maache fir se ze verbesseren, mä et dierf een net d'Illusioun opkomme loossen, datt wa mer elo dräi, véier Ännerunge virhuelen, déi de Mëtten hei am grousse Konsens diskutéiert ginn, wat iwwregens Suggestioune sinn, déi d'Procureuren zum Deel selwer gemaach hunn, an déi ech och deelen, datt dann op eemol am nächste Joer déi Retarden net méi do wären. Déi sinn an der Natur vun der Saach. Dat géing ech gären ënnersträichen, grad esou wéi ech hei wëll ervirhiewen, datt bei

deene klenge Strofdoten a bei deenen Delikter, wou keng komplizéiert Enquêtë musse gemaach ginn, extrem gutt geschafft gëtt, an een och do soll dat Positiivt ervirsträichen.

Et ass normal, datt een op d'Problemer hiweist. Ech maachen also do kengem e Reproche. Ech géing awer och gären ënnersträiche wéi vill Aarbecht gemaach gëtt. Ech hunn zum Beispill gekuckt, wat an deenen dräi éischte Méint vun dësem Joer op de Geriichter, nëmme Penaljustiz, gesprach ginn ass.

En matière criminelle sinn dat aacht Condamnatiounen. En matière correctionnelle an dräi Méint vun dësem Joer 1.066 Jugementer. A vun de Juges de police sinn an deenen dräi éischte Méint 1.515 Décisiounen en matière de police geholl ginn. Dat ass net fir ze soen, datt et keng Problemer gëtt, mä dat ass fir an enger équilibréierter Presentatioun op déi vill gutt Aarbecht déi gemaach gëtt, vun där d'Zeitungen net voll stinn, hinzeweisen. Dobäi kënnt, an doriwwer schreiwen d'Zeitungen a schwätzen d'Radioen, an dat ass och normal, eng ganz Rei Prozesser, déi dagdeeglech virkommen an déi och beweisen - dat gesidd Dir an der Berichterstattung - wéi komplizéiert d'Enquêten doriwwer waren. Wann Der an deene leschte Wochen d'Actualité judiciaire suivéiert hutt, da gouf et eng ganz Rei vu Prozesser, wou ee gemierkt huet, datt d'Missioun vun der Instruktioun, dat heescht vum Untersuchungsriichter a vun der Police judiciaire, fir d'Faiten an d'Auteuren ze fannen, extrem komplizéiert war, an trotzdeem sinn déi bis zum Prozess komm. Do gëtt also ganz vill a gutt Aarbecht gemaach fir déi d'Regierung dankbar ass.

Et ass net e Mangel u politescher Volontéit fir déi Délaië bei deene ganz komplizéierten Affären ze reduzéieren, et ass e Problem vum Inhalt dovunner.

Mir wäerten also weiderfueren op deem Wee, dee mer ageschloen hunn. Well net d'accord kann ech si mat deem wat hei de Vertrieder vum ADR gesot huet, andeem e gesot huet, zënter Jore gëtt dat hei mentionnéiert an et geschitt näischt.

Ech hu gesot: a) éischtens geschitt eppes, b) och wann eppes geschitt ännert dat net onbedéngt d'Problematik, wéi gesot, soss géing an deenen anere Länner, well et ass jo nëmmen zu Lëtzebuerg wou d'CSV regéiert, jo alles fonctionnéieren an hei fonctionnéiert et net. Dir hutt gesot, et geschitt näischt, an et ass just op dee Punkt wou ech, Här Henckes, wollt zréckkommen. Do soen ech Iech wat geschitt.

Zum Beispill wat de Budget ubelaangt: '99 ware ronn 50 Milliounen Euro am Budget, dëst Joer sinn et ronn 75 Milliounen, dat ass e Plus vu 50%. Dat ass och well, esou wéi d'Madame Durdu mat Recht gesot huet, den Equipement, well et si jo virun allem d'Personalkäschten an den Equipement, Informatisatioun vum Geriicht, datt do intensiv drop geschafft gëtt, dat kascht, a mir deelen déi Meenung, datt een op deem Wee muss weiderfueren. Dobäi kënnt jo dann de Budget vun der Police, well ganz vill vun deene komplizéierten Enquêtë gi jo net vun der Justiz gemaach. D'Justiz léiert se un, d'Justiz décidéiert se, mä si ginn exekutéiert vun der Kriminalpolizei, der Police judiciaire, an et ass och dofir wou mer esouwuel d'Police judiciaire wéi d'Magistratur budgetär substanziell gehéicht hunn.

Zweetens d'Zuel vun de Magistraten. Mir haten 1999 eppes 160 Riichteren. Mir hunn der haut 183. Dës Chamber huet dee Gesetzesprojet gestëmmt, deen d'Regierung proposéiert huet, d'Zuel vun de Riichteren an dëser Legislaturperiod ëm 22 eropzesetzen, plus 28 Fonctionnairen, déi administrativ Aarbecht um Geriicht maachen. Ech wëll hei ënnersträichen, datt mer um Niveau vum Parquet économique substanziell Renforten higesat hunn. Also och un der Zuel vum Personal ass et niewent dem Budget déck eropgaangen.

Mir hunn zum Beispill dofir konnten eng nei Chambre correctionnelle beim Geriicht bäiféieren. Dat zitt mat sech datt mer och méi Uerteeler kritt hunn. Ech mierken dat iwwregens bei der Zuel vun de Condamnéierten, déi mer zu Schraasseg hunn. Déi ass an deene leschte puer Joer eropgaangen duerch d'Zuel vun de Condamnatiounen, déi vun de Geriichter gesprach gi sinn. Déi Efforten, déi mer gemaach hunn, si substanziell an déi gi virun.

D'Police judiciaire hutt Der am Budget vum leschte Joer hei presentéiert kritt, an Dir hutt dat approuvéiert wéi der de Budget gestëmmt hutt, op d'mannst déi, déi e gestëmmt hunn, datt dëst Joer d'Police judiciaire 20 Leit bäikritt. Dat ass net en uniquen Effort, et war en exceptionnellen Effort, mä dat solle justement där Leit sinn, déi héich qualifizéiert si fir am Beräich vun der Finanzkriminalitéit an der organiséierter Kriminalitéit kënnen ze enquêtéieren.

Dir hutt héieren, datt d'Regierung proposéiert huet an der Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun an dëser Legislaturperiod d'Zuel vun den Untersuchungsriichter ze verduebelen. '99 hate mer der sechs, um Enn vun dëser Legislaturperiod wäerte mer der 13 hunn, et ass méi wéi verduebelen, well vu sechs op 13 ass bekanntlech nach ee méi wéi dat Duebelt.

***(Interruption)***

Jo, ech maache moies doheem d'Hausaufgabe mat menge Kanner, dofir kommen déi dann…

Mir wëllen dann och eng Rei Instrumenter der Police méi ginn, déi se bis haut net hat, och an den Enquêtë vläicht méi séier Täter ze fannen. Dofir zum Beispill d'Propositioun, déi d'Regierung d'lescht Woch gemaach huet, fir och eng ADN- oder DNA-Datebank ze maachen, kommen ähnlech Gesetzesprojeten, un deene mer um schaffe sinn, fir et och méi liicht ze maachen a verschiddene komplizéierten Affären, wou et oft net einfach ass den Täter ze fannen, fir déi iwwer aner Methode vun Investigatioun ze iwwerféieren. Dofir gëtt et och an deem Gesetzesprojet, deen d'Madame Err dankbarerweis mentionnéiert huet iwwert de Schutz vun den Affer, e Volet iwwert de partiellen Anonymat vun den Zeien, an dat maache mer och fir an deenen Enquêtë selbstverständlech déi Leit ze schützen, mä och datt déi Enquêten iwwerhaapt weiderkommen, well ganz vill Leit soen, ech hunn awer keng Loscht dat doten auszesoen, well soss geschitt mir dat an dat, an dofir hu mer och där Realitéit wollte Rechnung droen. Och op deem Wee fuere mer weider, grad esou wéi ech kee Problem hu mat enger Rei vun deene Propositiounen, déi an der Commission juridique diskutéiert gi sinn an déi de Mëtteg hei e breeden Accord bei allen Intervenantë fonnt hunn, wéi zum Beispill verschidden Actes d'instruction nëmme vum Untersuchungsriichter autoriséieren ze loossen, ouni datt domadder eng ganz Instruktioun opgemaach gëtt, wou also de Parquet kann d'Instruktioun weider féieren, grad esou wéi ech och bereet sinn nach eng Kéier ze diskutéieren iwwert d'Iddi vun der Transaktioun an Affäre wou d'Faiten etabléiert sinn an den Auteur déi zouginn huet.

Ech zécken heiansdo e bëssen op dee Wee vun der Transaktioun ze goen, well ech net wëll Abüe kréie wéi se a verschiddene Länner aus eiser Siicht bestinn, mä et ass awer e Punkt iwwert deen ech op sinn ze diskutéieren. D'Transaction pénale ka verschidden Affäre vum Geriicht ewechhalen. Si geet awer nëmmen a verschiddenen Affären.

Mäi Résumé vun all deem wat ech hei gesot hunn ass, datt enorm vill gemaach ginn ass an deene leschte Joren, an dat ka kee contestéiren. Budget, d'Zuel vum Personal a Gesetzesännerung. Ech hunn der e puer nëmmen opgezielt. Mir fuere weider mat deene Gesetzesännerungen. Dat sinn och där, wou net vill driwwer geschwat gëtt. Ech wëll just bieden ëm Realismus, well Dir musst net mengen, datt wann Der dem Untersuchungsriichter verschidden Akten ewechhuelt, dat déchargéiert dee selbstverständlech, datt Der dann an zwee, dräi Joer heihinner kënnt kommen a soen, an dräi Méint ass e Prozess aus an un.

Eng schnell Justiz a komplizéierten Affäre gëtt et net. Mir mussen alles maache fir ze verbesseren. Mir maachen dat um Niveau vun der Police judiciaire. Den Innenminister Michel Wolter an ech sinn amgaangen zesumme mat de Leit vun der Police judiciaire eng ganz Reorganisatioun vun der Police judiciaire ze diskutéieren, fir hinnen nach besser Moyenen ze ginn hir schwiereg Aarbecht ze maachen. Mir maachen dat nämlecht zesumme mat Riichteren an domadder kënne mer verschidde Problemer vläicht léisen, mä mir kréien ni an dësen Affären eng ganz schnell Justiz. Eng schnell Justiz kann et och net ginn, eng ze vill schnell Justiz, well et och ëm d'Droits de la défense geet. Verschidden Affären, déi heiansdo um Geriicht virkommen, wou ech herno froen, firwat huet dat dann esou laang gedauert, a wann ech dann erklläert kréie wéi vill Enquêten a Géigeninstruktiounsakte gefrot gi sinn, och vun de Parteien, dat erkläert ganz oft firwat e Prozess méi spéit virun d'Geriicht kënnt wéi een dat, wann een einfach dat nëmmen um Radio héiert, sech ka virstellen. An dofir soll een och do net d'Impressioun ginn, datt komplizéiert Affären, esouguer wann d'Faiten etabléiert sinn, ouni eng Mëssuechtung vum Droit de la défense kënnte ganz schnell iwwert d'Bühn goen.

Ech mengen, datt mer hei zesummen, besonnesch no där konstruktiver Debatt vun de Mëtteg, an deenen nächste Woche kënnten e Projet de loi heiriwwer hunn, well ech wëll Iech soen, d'Iddien, déi haut de Mëtteg hei opgeworf gi sinn, sinn där, déi d'Procureuren an deene leschte Wochen hei an der Chamber an och mir gesot hunn. Wéi gesot, si léisen net fundamental verschidde Problemer déi et ginn, well einfach déi mat der Natur vun der Affär ze doen hunn, mä vu datt ech normalerweis bei esou Projetë schnell schaffen, a vu datt se och nëmme punktuell Mesurë betreffen, déi hei opgezielt gi sinn, mengen ech, datt ech kënnt an deenen nächste Wochen och heiriwwer am Numm vun der Regierung der Chamber e Projet de loi presentéieren.

Wéi gesot, d'Efforten am Budget, d'Efforten an der Zuel vun de Leit, déi fir mech wesentlech sinn, wäerte virugoen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Domadder ass dëse Punkt ofgeschloss. D'Madame Err freet nach eng Kéier d'Wuert.

**Mme Lydie Err** *(LSAP).*- Wéi ass et mat der Prioritéit vun engem Projet iwwert de Statut vun der Victime a vun der Protectioun vun den Témoinen?

**M. Luc Frieden,** *Ministre de la Justice.*- Jo, Madame Err, dat ass selbstverständlech e prioritäre Projet, well ech mengen, ënnert deene Projeten, déi fir de Moment ënnerwee sinn, ass niewent dem Partenariat, dem Projet iwwert d'Scheedungsrecht, wou mer och nach an deenen nächsten Deeg driwwer wäerten diskutéieren, an de Projet iwwert den Afferschutz, dräi ganz wichteg Projeten, déi ënnerwee sinn, a wou ech hoffen, datt de Conseil d'Etat an duerno Dir als Parlament déi kënnt esou schnell wéi méiglech stëmmen. Dat läit awer net méi un der Regierung, Madame Err, well déi huet hir Aufgab gemaach, an dee war an deem ganz décke Koup, deen den Här Statsminister hei déposéiert huet, derbäi.

**Mme Lydie Err** *(LSAP).*- D'Regierung seet Prioritéiten.

**M. Luc Frieden,** *Ministre de la Justice.*- Jo, d'Regierung huet gesot datt de Projet vum Partenariat a mengem Beräich deen éischte wär an dee vum Droit vun de Victimen, deen ass jo eréischt d'lescht Woch déposéiert ginn, dee steet also op där nächster Lëscht vun de Prioritéiten, well zënter dem Dépôt vun dësem Projet hu mer nach keng nei Lëscht an de Conseil d'Etat eraginn, mä ech kann Iech soen, et war esou vill Aarbecht, dee Projet de loi, datt ech souwisou ganz frou wär, wann dee prioritär och géing hei behandelt ginn. Do si mer eis eens.

**Mme Lydie Err** *(LSAP).*- Mir si parat.

**M. le Président**.- Als nächste Punkt op eiser Dagesuerdnung hu mer d'Questions avec débat Nummer 29, 30 an 31 vum Här Jacques-Yves Henckes iwwert d'Liberaliséierung vum Maart vun der Telekommunikatioun, vum Gaz a vum Stroum. D'Wuert huet elo den Här Henckes.

## 3. Question avec débat N° 29 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la libéralisation du marché des télécommunications

## Question avec débat N° 30 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la libéralisation du marché du gaz

## Question avec débat N° 31 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la libéralisation du marché de l'électricité

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll mech fir d'éischt driwwer opreegen an iergeren, datt déi Interpellatioun, déi ech ugefrot hat, nees eng Kéier transforméiert ginn ass an eng Question avec débat. Ech mengen, et ass eng schlecht Praxis, well et évitéiert, datt haut an der Chamber eng Debatt zustane kënnt, an datt een och d'Problematik ëmmer méi schlecht kann exposéieren, wéi dat bei enger Interpellatioun de Fall ass.

Ech wëll fir d'éischt iwwert d'Liberaliséierung vun den Telekommunikatioune schwätzen, dat heescht vum Mobil-Telefon an dem Internet. Dat hei war déi éischt Liberaliséierung, déi virgeholl ginn ass. Och hei gesäit een, datt wuel e Gesetz besteet, mä datt d'Gesetz zu engem Deel guer net applizéiert gëtt, zu engem aneren Deel gëtt d'Gesetz nure mat vill Retizenz a mat konsequente Versich, fir et entweder ze ëmgoen oder seng Applicatioun ze retardéieren, applizéiert.

D'Resultat op haut, d'Telefonsverbindungen, fix a mobil, sinn 30% méi deier wéi am noen Ausland. Internet ass 60% méi deier wéi am Ausland, d'Internetabonnement läit am Ausland bei 20 Euro de Mount, bei eis 50 Euro. Den DSL, fir méi séier um Internet kënnen ze surfen, ass och vill méi deier zu Lëtzebuerg wéi am Ausland, an d'Resultat ass, datt zu Lëtzebuerg nuren 2% vun de Leit abonnéiert sinn um DSL an an den Nopeschlänner 15%.

Hei ass e gudden Deel vu legaliséiertem Déifstall amgaang, an dat huet och eng Explikatioun. Mä wat op jidde Fall elo scho feststeet, datt Lëtzebuerg um Gebitt vum Internet zu den Entwécklungslänner géhéiert a meilewäit vun engem eLëtzebuerg ewech ass.

Woufir sinn d'Telekommunikatiounen zu Lëtzebuerg esou deier, trotz Konkurrenz? Et gëtt een eenzegen oder een Haaptgrond: d'Benotzungskäschte vum Réseau vun der Post. Am europäesche Vergläich läit Lëtzebuerg un der Spëtzt vun de Réseauskäschten. Op haut läit de RIO, dat ass de Präiskatalog fir en gros d'Liwwerunge fir d'Joer 2003, verglach mat deenen Tariffer, déi am Ausland praktizéiert ginn, iwwer 200%, genau 227% méi héich wéi am Ausland.

Eng nei Direktiv gesäit vir, datt d'Réseauskäschte missten an Zukunft un déi Käschten ugepasst gi vun deenen dräi bëllegste Länner. Wann dat geschitt, dann ass dat relativ interessant fir Lëtzebuerg a mer këinte vill méi bëlleg un de Réseau erukommen.

Da muss een och ervirsträichen, datt no den Informatiounen, déi ech hunn, Dumpingspräisser gemaach gi fir Banken an Industrien, mä haaptsächlech fir Banken, wou ënnert dem Tarif, deen offiziell duerch de RIO festgeluecht ass, Ugebueter geschéien. Dat ass net an der Rei. Och ass dee RIO fir d'Joer 2002 iwwerhaapt net publizéiert ginn.

Dann een anere Phenomeen, deen een hei muss ervirsträichen, dat ass de RUO. Ech entschëllege mech fir all déi technesch Termen, mä dat ass awer esou. Reference Unbundling Offer, dat sinn d'Loyeren, déi am Kader vum Dégroupage de la boucle locale, fir nees erëm en techneschen Ausdrock ze gebrauchen, gefrot ginn, mä wou et haaptsächlech drëm geet fir dee Réseau, wou deen héijen Débit fir den DSL driwwer geet, ze finanzéieren. Do muss ee soen, datt déi Tariffer eng regelrecht Frechheet sinn. Et gesäit een och, datt mat Ausnahm vun enger Gesellschaft, wou de Stat 40% vum Kapital huet, keen aneren interesséiert ass fir do matzemaachen. Doduerch ergëttt sech natierlech eng Monopolstellung mat deene Konsequenzen, déi ech virdrun ugedeit hunn, dat heescht datt den DSL hei zu Lëtzebuerg nëmmen 2% ausmécht.

Et gesäit een och, datt d'Commission européenne géint Lëtzebuerg eng Action en manquement ugestallt huet, déi elo virum europäesche Geriichtshaff unhängeg ass. D'Post misst eng separat Kontabilitéit féieren a Betribskonte misste publizéiert ginn. Dat ass net de Fall, sou datt och keng Kontroll ka geschéien.

Och wat d'Portabilitéit vun den Telefonsnummeren ugeet, wann een de Serveur wiesselt, wann ee vun enger Firma op déi aner wiesselt, een déiselwecht Nummer kënnt behalen, och dat fonctionnéiert ablécklech net. Detailléiert Telefonsrechnungen ass op eppes, wat net esou fonctionnéiert wéi et soll. Et misst automatesch sinn, geschitt hei nëmmen zur Demande a mat ganz ville Schwieregkeeten.

Et gesäit een och, datt den Institut Luxembourgeois de Régulation, (ILR) deen d'Autorité de surveillance ass, vill Suen a Fräen akasséiert, mä näischt mat deene Sue mécht. En huet dofir Reserven ugeluecht, wat illegal ass. Entweder muss d'Regierung dofir suergen, datt d'Tariffer reduzéiert ginn oder datt Leit agestallt ginn, fir datt den ILR senger Missioun ka gerecht ginn.

D'Froen, déi ech wollt stellen:

- Wat wëllt d'Regierung ënnerhuele fir Transparenz an de Konte vun der Post?

- Wéini gi separat Konte publizéiert?

- Wat wëllt d'Regierung maache fir d'Basistariffer ze senken an allge-

meng fir eng reell Liberaliséierung ze garantéieren, notamment duerch een ILR, dee senger Missioun misst kënne gerecht ginn?

**M. le Président**.- D'Wuert elo den Här Minister François Biltgen.

**M. François Biltgen,** *Ministre délégué aux Communications*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Fro vum Här Henckes ass déi interessantst: Wat wëllt d'Regierung maache fir méi Liberaliséierung ze kréien? Wa mir net déi Liberaliséierung hätten, déi mer elo hunn, dann hätte mer eng Partie vun deene Problemer, déi Dir opgeworf hutt - soufern se richteg sinn, zum Deel si se net falsch, sinn awer nach laang net all richteg -, net.

Dir frot: Wat maacht Der, fir d'Präisser ze senken? Mir kënnen als Regierung no enger Liberaliséierung d'Präisser net méi senken. Mir sinn net méi Meeschter an der Post. D'Post ass e Betrib wéi een aneren och, an d'Post muss sech dobaussen der Konkurrenz beugen.

D'Liberaliséierungstheorie, Dir sitt jo ee vun deene wéinegen Unhänger heibanne vun där Liberaliséierungstheorie, dat ass eng, déi op europäeschem Plang vu verschiddene Länner erausbruecht gouf, ënner anerem vun den Engländer, déi versiche wollten, dass hire Service public, deen net gutt fonctionnéiert huet, duerch d'Liberaliséierung méi effikass a méi bëlleg Servicer kënnt ubidden. Dee Problem hate mir am Telekomsberäich net zu Lëtzebuerg, dass mir keng gutt a keng bëlleg Servicer haten. An déi aner Länner, dat waren haaptsächlech déi grouss, déi wollte kucken, dass duerch d'Liberaliséierung hir ehemoleg staatlech Betriber, dee Moment, wou se privatiséiert waren, méi Marché géifen an Europa kréien.

Eng Liberaliséierung muss net schiedlech si fir eis, mä mir mussen eis dervir hüte fir ze mengen, eng Liberaliséierung géif Lëtzebuerg ëmmer nëmmen direkt eppes bréngen.

Liberaliséierung zu Lëtzebuerg am Telekomsberäich heescht, dass d'Post, obwuel se dem Stat gehéiert, sech muss der Konkurrenz aussetzen, an d'Post muss och kucke wéi ee Betrib dobaussen ze raisonnéieren. D'Post ass keng Caritas. D'Post ass ee Betrib wéi een aneren och. Wéini falen dann d'Präisser dobaussen? Mä nëmmen dann, wa mer Konkurrenz hunn. Dofir muss een aner Konkurrenzbetriber kréien.

Elo komme mer op ee springende Punkt, wéi Der richteg gesot hutt. Da muss ee Konkurrenz och kënnen erméiglechen. Dofir huet d'europäesch Regelung virgesinn, dass mer onofhängeg, an zwar vun der Regierung onofhängeg Organer schafen. Dat ass zu Lëtzebuerg den ILR. Et ass net un engem Lëtzebuerger Minister a scho guer net um Regulatiounsminister, fir ze soen, du muss mat de Präisser erop oder erof goen, mä et ass de fräie Maart, an do wou um fräie Maart Widderstänn sinn, déi géint d'Gesetz verstoussen, ass et um ILR anzegräifen.

Wéi mer an dëser Regierung ugetruede sinn, do ware mer mat engem Problem konfrontéiert, dass mer ugesicht ware vun der europäescher Kommissioun, déi gesot huet, den ILR huet net genuch Méiglechkeete sech duerchzesetzen. Deem hu mer Rechnung gedroen. Ech hu relativ séier e Projet de loi hei déposéiert, deen och gestëmmt gouf, wou den ILR elo all Pouvoiren huet, an elo leeft d'Spill.

Dir hutt vu RIO a vu RUO geschwat. Mir bleiwen elo beim Fachjargon, missten awer eng Kéier méi Zäit hu fir de Leit ze erklären, ëm wat et geet. Woufir sinn déi net publizéiert? Ma tout simplement, well do den ILR nach mat der Post streit, well den ILR déi net ugeholl huet, an do lafen déi normal gesetzlech Prozeduren. Elo streit den ILR mat der Post, wat en Zeechen ass, dass den ILR onofhängeg ass a seng Aufgab mécht. Do kann d'Regierung net dran agräifen.

Wou kann den ILR mat der Post streiden? Net fir ze soen Är Tariffer sinn ze héich par rapport zum Ausland. Do huet den ILR iwwerhaapt keng Handhab. Dat geet an enger liberaliséierter Welt net. Den ILR ka just soen, dee Coût historique, deen Dir, d'Post, hei fixéiert, fir dass ee Konkurrent ka bei lech erasprangen, deen ass net reell. Do lafen d'Diskussiounen an do fonctionnéiert d'Gesetz. Do fonctionnéiert dat, esou wéi et muss sinn.

Da sot Der, am Kader vum Internet wier Lëtzebuerg en Entwécklungsland. Kuckt lech emol all eng Kéier déi Zifferen un déi et gëtt. Lëtzebuerg ass eent vun deene Länner wou am meeschten Internet ass. Mir spillen do mat der zweeter Halschent vun de skandinavesche Länner mat. Mir hate virun zwee Joer 26% vun de Stéit, déi op Internet waren. Haut hu mer 56% vu Stéit, déi op Internet sinn. Et ass also ganz vill geschitt, an all déi Etüden, déi mer maache gelooss hunn, hunn eis och gesot, dass de Problem vun de Leit eigentlech net d'Präisser sinn. Dir hutt net Onrecht, obwuel, Dir musst ëmmer kucke mat Verglach. Jeder Vergleich hinkt. Dir hutt net Onrecht, dass an enger Fauschtregel mer net déi Bëllegst an Europa sinn. Dat maachen ech lech wierklech net falsch. Mä dat ass fir d'Leit net de springende Punkt, a mir kënnen déi Präisser net erofsetzen doduerch dass de Stat géif dekretéieren, mä dat geet nëmmen duerch d'Libre concurrence, a wa kee Konkurrent kënnt par rapport zur Post, dann huet d'Post keng Ursaach fir mat hire Präisser erofzegoen. Dat ass dee ganze Problem, an dee kënnt vun der Liberaliséierung. Dofir musst Der emol kucken, wann Der nach esou vill fir d'Liberaliséierung jäitzt, ob Der wierklech richteg leit oder falsch.

Mir hunn awer am Internet Méiglechkeete Konkurrenz zu Lëtzebuerg ze kréien, vläicht net duerch Konkurrenten um Festnetz, mä Konkurrenten am Kabel. Eng vun deene grousse Regierungspolitiken, déi mer an deem dote Kader maachen, dat ass ze kucken, zënter zwee Joer hu mer och do scho vill Resultater kritt, dass mer all eis Kabelnetzbedreiwer zesumme bréngen. Och do kënne mer keen zwéngen, mir kënnen emol keng Subside ginn, et sief da mir kënnte wierklech beweisen, dass keen anere géif Internet ubidden. Mä mir hunn zënter zwee Joer versicht, do ass villes geschitt, dass d'Kabelnetzbedreiwer vill méi no unenee ginn. Mir hu jo méi Kabelnetzbedreiwer wéi mer Gemengen hunn, dass déi méi no unenee kommen, an dass déi u sech eng zweet Schinn sinn, fir och Internet virun allem breetbandech unzebidden.

Elo sot Der breetbandech si mer hannendran. ADSL si mer awer mëttlerweil esou wäit ech weess, mä do ass den Här Grethen als Chef vun der Post, well hien ass Chef vun der Post, besser placéiert, mä mir sinn iwwer 2% Prozent bestëmmt am ADSL an do lafen och, schwätzen ech fir den Här Grethen mat, Pläng an der Post fir dat zügeg weider ze bréngen, mä et ginn aner Ubidder zu Lëtzebuerg, déi iwwer aner Weeër breetbandechen Internet ubidden. Ech denken u Bamboo, et ginn der nach vill, an Dir wäert gesinn, wa bis UMTS fonctionnéiert, dass och do Ubidder kommen, an do wäerte mer also eng Partie breetbandechen Internet méi kréien.

Mä nach eng Kéier fir op Är Fro ze äntweren, Dir kënnt net an engem Saz soe mir hätte gäre méi Liberaliséierung an d'Regierung muss méi agräifen. Entweder méi Liberaliséierung an da kann d'Regierung manner agräifen, oder manner Liberaliséierung, da kann d'Regierung agräifen.

Mir hunn, net opgrond vun Ären Interventiounen, Här Henckes, mä opgrond vun den EU Direktiven hei Liberaliséierung agefouert, a mat där Liberaliséierung musse mer liewen. Mir liewen net esou schlecht wéi Dir et mengt, a wann Der kuckt wéi d'Präisser évoluéiert sinn, ech hu se leider elo net hei, virun dräi Joer an elo ass zu Lëtzebuerg ganz villes geschitt, an am Ausland gouf et ganz vill Dumpingpräisser. An der Héichkonjunktur ware verschidde Betriber am Ausland, ech wëll se net mam Numm zitéieren, déi wierklech beim breetbandechen Internet Dumpingpräisser ugebuet hunn an déi elo wou d'Kris do ass, a wou se keng Finanzreserven hunn, mussen eropkommen. Och dat dierf een net vergiessen. Do schwätzen ech fir all Betrib, fir d'Post esou gutt wéi fir déi aner. Et kann een net nëmmen Dumpingpräisser ubidden, et muss een och Reserven hu fir kënnen ze investéieren, dass et weider geet, well déi ganz Technologien do gi weider, an nach eng Kéier, mir gehéieren net zu engem Entwécklungsland, mir gehéieren zu engem Land wat dat Bescht aus der Liberaliséierung gemaach huet wat et konnt maachen.

Dir wäert elo nach an deenen nächste Wochen en neie Pak vu fënnef Gesetzer kréien, wou mir och déi allerlescht Gesetzer vun der EU ëmsetzen iwwert den neie Cadre wou et méi einfach gëtt. Dir hutt dee Punkt ugesprach. Haut muss een all Lizenz eenzel beim ILR ufroen. Mir ginn elo op de Wee vun Autorisations générales. An deem Zuch wäerte mer selbstverständlech en neit Taxereglement maachen, wou mer dann och déi Taxen erofsetze par rapport zu deem wat se elo sinn, woubäi een awer all Tax ëmmer muss eenzel kucken. All Tax muss u sech eenzel justifiéiert sinn, dass se käschtendeckend ass.

Dat wäert Der also kréien, fir d'éischt e Pak vu véier Gesetzer, eent iwwert de ganzen Telekomskader, eent iwwert d'Radiosfrequenzen, eent iwwert den ILR, eent iwwert d'Protection des données. Also véier Gesetzer wäert ech nach Enn vum Mount hei déposéieren, an da kann ech nëmmen hoffen dass d'Chamber déi och stëmmt, an da si mer an där onauswäichlecher vun lech esou häerzlech gewënschter Liberaliséierung e Stéck weider.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Här Henckes, wëllt Dir nach eng Fro stellen? Den Här Henckes kritt nach eng Kéier d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, ech wëll kuerz drop reagéieren. Ech mengen, den Här Minister huet hei ganz kloer zum Ausdrock bruecht, dass en net ganz frou ass mat där Liberaliséierung an dass en se net grad ganz waarmhäerzeg ugeet. Ech fannen awer, dass en a sengen eegene Wierder seet, dass zënter dass liberaliséiert ginn ass d'Präisser am Telefon erofgaange sinn, mä awer net esou dass et positiv wor an och net esou wäit wéi am Ausland.

An ech mengen awer, Här Minister, an et ass do wou mer vläicht eng Differenz hunn, dass bei der Utilisatioun vum Réseau, bei deene Käschten, do huet d'Regierung eng Verantwortung. Si huet Verantwortung doranner, dass d'Post muss separat Konten hunn. Si huet keng, folglech ka kee kontrolléieren ob déi Käschten, déi se ugëtt, iwwerhaapt reell sinn a wéi se solle sinn.

**M. Henri Grethen,** *Ministre de l'Economie*.- D'Post huet separat Konten. Här President, mir soe jo hei d'Post soll als privat Gesellschaft agéieren. Dann ass een dach net esou domm, well et sinn nëmmen déi dommste Kälwer, déi sech hire Metzler selwer sichen. Da kënnt Der dach net vun der Post verlaangen, dass d'Post urbi et orbi alle Konkurrente seet no wat fir enge Konditioune si schafft. Mä den ILR kritt vun der Post déi intern Konten. Mä déi setze mer awer net an de Mémorial, soss brauch jo nëmmen all Konkurrenz ze kucke wéi ass et bei der Post, an da maachen ech et mäi Business. Also ech loossen net zou, Här President, esou laang wéi ech zoustännege Minister fir d'Post sinn, dass d'Post sech ausdeet op d'Käschte vun der Entreprise, fir dass anerer kënne säfteg Benefisser maachen. Ech hunn der Post den Optrag ginn, sech ganz energesch géint all hir Konkurrenten zur Wier ze setzen, an hiren Acquis, dee se huet, bec et ongles ze verteidegen. Esou bleift et esou laang wéi ech zoustänneg si fir dee Betrib.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Et gesäit een un de Reaktiounen, dass déi Obligatioun, déi duerch d'Direktiven am Gesetz festgehale ginn, d'Regierung net wëllt dass dat exerzéiert gëtt. Ech hunn d'Texter, an och vun der Commission européenne, dofir hätt ech dat gären an der Interpellatioun gesot, dass hei d'Commission européenne wäert héchstwahrscheinlech dorobber reagéieren, an déi Rapporten, déi mir kritt hunn, déi public sinn, déi um Internet sinn, déi soen, dass Lëtzebuerg sech net un d'Gesetzgebungen an un d'Transparenz hält. An dat erkläert och woufir déi eng Direktiv iwwert d'Transparenz vun de Konten nach net an ons Gesetzgebung ëmgesat ginn ass.

Mä ech sinn awer elo frou, dass den Här Minister ugekënnegt huet, well dat wär een Zweck vun der Interpellatioun gewiescht, déi ech am Januar ugefrot hat, dass déi néideg Gesetzer am Kader vun der Liberaliséierung, déi virgesi sinn, musse kommen, dass déi endlech solle kommen, an dat ass jo emol eppes Positives.

**M. le Président**.- Den Här Minister géif gär nach eng Kéier Stellung huelen. Den Här Minister Biltgen huet d'Wuert.

**M. François Biltgen,** *Ministre délégué aux Communications*.- Här President, ech muss nach eng Kéier op déiselwecht falsch Saachen datselwecht Richtegt widderhuelen. Mir hunn, wat d'Telekomsliberaliséierung ubelaangt, an do kënnt Der d'Rapporte vun der Kommissioun nokucken, als Regierung bis elo e ganze Pak ëmgesat. Déi nei Päck, Här Henckes, dat sinn der, déi eréischt vum 1. Juli u mussen ëmgesat ginn. Dofir soen ech, komme mer och mam Gesetzesprojet virum 1. Juli hei eraus. Mä mir si bäi.

Wou e Problem ass, dat ass dass do gestridde gëtt tëschent Kommissioun, ILR a Post iwwert d'Aart a Weis wéi e Compte séparé gemaach gëtt, mä d'Regierung huet hei hir Aufgab gemaach. Hei ass eng normal Streiderei tëschent Betriber, an dat wat den Här Krecké gesot huet, dat ass ganz richteg. Et kann een net engersäits soen, d'Post muss behandelt gi wéi e Privatbetrib. Do ginn et jo Jurisprudenzen - d'Post huet iwwerhaapt kee Privileg méi zegutt -, Jurisprudenz déi gesot huet, majo si hätt esouguer nach manner Privilegië wéi anerer.

Mä et kann een net engersäits soen, si muss wéi e liberale Betrib sinn, an da kritt d'Regierung e Procès d'intention gemaach wann d'Post sech och wéi en normale Betrib dobausse behëlt.

An dann hutt Der ganz am Ufank gesot, ech hätt gesot duerch d'Liberaliséierung wären d'Präisser hei erofgaangen. Am Fixnetz sinn d'Präisser erofgaangen, awer net wéinst der Liberaliséierung, well si sinn nämlech zum Deel och eropgaangen. Mir haten hei eng gréisser Diskussioun iwwert d'Abonnementer. D'Abonnementer sinn nämlech an d'Luucht gaangen. Woufir sinn d'Abonnementer an d'Luucht gaangen? Majo well d'Post muss richteg Präisser, déi duerch reell Käschte gedeckt sinn, opginn. Eisen Abonnementspräiss zu Lëtzebuerg war ëmmer ze bëlleg. Woufir war en ze bëlleg? Majo well mir als successiv Regierung gesot hunn, den Abonnement hale mer niddreg, do maache mer u sech sozialen Dumping, mir maachen dee sozial niddreg, mir maachen en net esou deier wéi e misst sinn, an dat huele mer op den internationalen Telekommunikatiounspräisser eran. Wat ass duerch d'Liberaliséierung geschitt? Op internationalen Telekomspräisser ass Konkurrenz komm, an d'Post huet missten do erofgoen. Dofir sinn déi international Verbindungen zu Lëtzebuerg effektiv, do hutt Der Recht, massiv erofgaangen, mä op där anerer Säit hunn awer d'Abonnementspräisser missen an d'Luucht goen, well ebe soss, och wann dat net geschitt wär, wären d'Konkurrenten zu staatlech subventionnéierte Präisser an de Postréseau erakomm.

Alles dat weist lech, dass dat net esou einfach ass, an dass d'Liberaliséierung vill méi komplex ass. Just wa se do ass muss ee mat hir spillen, an et kann een dann net, a besonnesch net wann ee Liberaliséierungsunhänger ass, komme fir dann, fir alles wat d'Liberaliséierung mat hiren eegene Maartmechanisme vläicht net richteg mécht, och nach d'Regierung dofir verantwortlech ze maachen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4991, eng Ofännerung vu verschiddenen Artikele vum Code pénal.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Entschëllegt, Här President, ech hunn nach zwou Questions avec débat.

**M. le Président**.- Wéi dann, Dir hutt dach Är Questiounen all zesumme gemaach?

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Neen, Här President, ech hunn dräimol fënnef Minutten.

**M. le Président**.- Dir hat awer gëschter déi Saach aneschters duergestallt, soss wier d'Versammlung bestëmmt net d'accord gewiescht mat enger Ännerung. Jiddefalls hutt Dir dat gëschter net esou explizéiert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Ech hat ganz kloer gesot, datt ech wéilt déi Froen, déi den Här Wirtschaftsminister uginn huet iwwer Gas an Elektresch regruppéieren, an déi Fro, déi d'Telekommunikatioune betrëfft, wou de Minister vun den Telekommunikatiounen ugesprach ass, géing separat huelen. Dat war dat, wat ech gesot hat.

**M. le Président**.- Et huet jiddefalls keen heibannen dat esou verstanen. Dir hat gesot, Dir géingt gären alles an engem Siess maachen, fir nëmmen eng Kéier ze schwätzen. Dir hutt dann elo d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Ech wollt dat heiten esou maachen, well dat och déi Häre Ministeren arrangéiert wat hir Äntwerten ugeet.

Här President, mir hunn am Laf vun dëser Legislatur e puer Gesetzer gestëmmt, eent vum 24. Juli 2000 an eent vum 6. Abrëll 2001, wou d'Liberaliséierung vum Elektrizitéits- a vum Gasmaart décidéiert ginn ass. Et ass virgesinn, datt dat an Etappe geschitt. Ablécklech sinn et beim Elektresche 37 Betriber, déi éligibel sinn, wou d'Öffnung vum Maart geschitt.

Wann ech déi Äntwerte kucken, déi den Här Minister mer kierzlech nach ginn huet, dann ass virgesi fir weider ze liberaliséieren a méi séier ze liberaliséiere wéi dat am Gesetz virgesinn ass, dat heescht datt den 1. Juli 2004 sämtlech Entreprisë kéinten um Maart Elektrizitéits- a Gaspräisser ufroen, an datt total soll liberaliséiert gi vum 1. Juli 2007 un. Dat ass eng positiv Evolutioun, well ee gesäit datt do, wou total liberaliséiert ginn ass, d'Präisser vu Gas an Elektresch ëm 25% zréckgaange sinn.

Et muss een och festhalen, datt zënter datt d'Liberaliséierung besteet eng etlech Präisser schonn zréckgaange sinn. 7,5% an der Moyenne beim Elektreschen. Et gesäit een awer och, datt dat ënnerschiddlech ass, datt dat haaptsächlech fir déi grouss Clientë gespillt huet an au contraire, no den internationale Statistiken, d'Privatleit hu misse méi deier bezuelen. Mä och do muss een nees nuancéieren, well dat jee no Betrib an no Gemeng verschidden ass.

Här Minister, do wou ech e Problem hunn, dat ass mat der Tatsaach, datt mer zwar zwee Gesetzer gestëmmt hunn, mä eng etlech Règlements grand-ducaux bestinn nach net an d'Ausféierung vun där ganzer Gesetzgebung ass ablécklech nëmme méi um Pabeier a keng Realitéit a mir sollen ons awer elo op weider Liberaliséierunge virbereeden.

Et gesäit een, datt d'Regierung dee ganzen Dossier schéngt verschlof ze hunn. Zum Beispill zirkuléiert säit dem 17. Februar, héchstwahrscheinlech nodeem ech elo schonn d'Interpellatioun ugefrot hat, vum ILR e Questionnaire sur l'état d'avancement des démarches en vue de s'aligner aux exigences de la législation de l'an 2000. Dat heescht datt säit méi wéi dräi Joer déi Gesetzesgebung keng Realitéit ginn ass an eng etlech Reglementer feelen, notamment wat d'Tariffer ugeet.

Här Minister, kënnt Der ons soe wat déi Äntwerte sinn, déi op dee Questionnaire hi komm sinn? Wann Der et net kënnt haut maachen, ob Der da méi spéit mer kënnt déi Donnéeë ginn? Wou sinn d'Schwieregkeeten? Firwat geet déi ganz Liberaliséierung net virun?

Dat hei war d'Fro zum Elektreschen, beim Gas schéngt et nach vill méi schlëmm ze sinn.

Wat sinn d'Grënn firwat d'Tariffer, d'Clauses et obligations fir d'Utilisatioun vun de Réseauen net public gemaach ginn?

Da muss ee festhalen, datt och d'Obligatioune vum Service public, déi kënnen iwwer Règlement grand-ducal virgeholl ginn, mat Ausnahm vun engem Règlement grand-ducal vum 22. Mee, dee mam Fonds de compensation ze dinn huet, net definéiert sinn, och keng Missions de service public. Ech froe mech, ob d'Regierung wëlles huet do nach nei Initiativen ze huelen. Datselwecht gëllt och fir Reglementer, déi mam Accès au réseau gazoduc ze dinn hunn. Et gesäit een, datt déi ganz Problematik an den eenzelne Gemenge ganz vill Schwieregkeeten ofwerft, well se justement net transparent ass, well an de Gemengen net gewosst ass, wéi dat soll ugepaakt ginn.

Den Här Innenminister hat proposéiert, fir datt d'Gemenge sollten de ganze Réseau privatiséieren, dat heescht sollte verkafen. D'Gemenge wollten net op dee Wee goen. Et ass elo eng Léisung erausfonnt gi wou den ILR seet, beispillsweis um Niveau vun der Stad Lëtzebuerg, datt dat net conforme wier zum Gesetz, dat heescht datt eng Gemeng 100% vum Kapital vun enger Société de gestion dierft halen. Et gesäit een, datt déi ganz Problematik net seriö ugepaakt ginn ass, datt dat e bëssen empiresch an zickzackaarteg mëtten am Niwel sech entwéckelt. Dat zitt dann och mat sech, datt e gudden Deel vum Personal beonrouegt ass iwwert déi Entwécklung, an dat ass eng Fro déi ech och wollt un d'Regierung stellen, ob et net nëtzlech wier fir eng gesetzlech Basis ze schafen, wéi d'Personal kéint integréiert ginn an déi Sociétés de droit privé, déi musse geschafe ginn am Kader vun där Liberaliséierung, wéi se elo virgesinn ass?

Ablécklech gesäit een datt dat zu Schwieregkeete féiert, datt dat net ganz kloer ass, an d'Beispill vun der Post weist jo och datt d'Zesummeliewe vu Fonctionnairë mat Leit ënnert dem Employé privé-Statut zu munch Schwieregkeete féiert an datt et vläicht gutt wier fir eng gesetzlech Basis do ze schafen.

**M. le Président**.- Är Zäit ass ofgelaf.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- E klenge Moment nach, Här President.

Et muss een d'Fro stelle wat d'Regierung wëlles huet, fir an Zukunft där definitiver Liberaliséierung entgéint ze trieden, wéi se dat wëll preparéieren, well esou wéi et elo leeft, kann et net weidergoen, do gi mer enger schwéierer Situatioun entgéint. Et mussen hei, sief et vum Här Innenminister, sief vun Iech, Här Wirtschaftsminister, oder sief et vun e puer Leit aus der Regierung, e puer Initiative geholl ginn, fir datt dat Gesetz, wat mer am Joer 2001 gestëmmt hunn, kann eng Realitéit ginn, fir datt d'Betriber an d'Bierger dobaussen endlech kënnen an de Benefiss vu méi bëllegem Elektresch a Gas kommen.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Minister Grethen.

**M. Henri Grethen,** *Ministre de l'Economie.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss Iech agestoen, datt ech ganz seriös Schwieregkeeten hu fir d'Froe vum honorabelen Här Deputéierten Henckes ze beäntwerten, Schwieregkeeten, well ech d'Froe ganz einfach net richteg verstanen hunn.

***(Interruption)***

Här President, ech wollt dem Här Henckes proposéieren, datt hien déi vill Froen, déi him vläicht am Kapp ronderëm ginn, kéint a schréftlecher Form als Question parlementaire erareechen, da wäerte meng Servicer a Koordinatioun mat anere Servicer, déi betraff sinn, Äntwerten op déi Froe ginn, déi den Deputéierten opgeworf huet.

Den Här Henckes seet op dëser Tribün, et géifen eng ganz Rei Règlements grand-ducaux feelen. Ech wier Demandeur fir déi Lëscht ze kréie vun deene Règlements grand-ducaux, déi feelen. Da kënne mer doriwwer schwätzen. Ech wëll elo hei net dorobber agoen, wat den déiwe Sënn vun deene Liberalisatiounstendenzen op europäeschem Niveau ass, mäi Kolleeg François Biltgen ass schonn dorobber agaangen. Et koum ënnert dem Drock vu Regierungen, wou déi Lëtzebuerger Regierung net drënner war, an et war fir Situatiounen ze berengegen, déi et hei zu Lëtzebuerg net gouf.

Wa mer nëmme vu Gas an Elektresch schwätzen, esou ass et historesch bewisen, datt Lëtzebuerg a Lëtzebuerger Betriber déi niddregst Präisser haten, déi an Europa gülteg waren. Datt no der Liberaliséierung a verschiddene Länner eenzel Clientë besser Konditioune kruten an och haut nach hu wéi Lëtzebuerger Betriber, dat ass gewosst. Dat huet awer ënner anerem domadder ze dinn, datt mir jo musse praktesch d'Integralitéit vun eisem Stroum importéieren an och d'Integralitéit vum Gas, dee mer verbrauchen. Et huet och domadder ze dinn, datt mer am Gassecteur zum Beispill laangfristeg Kontrakter hunn, déi iwwer zéng Joer a méi lafen, wat sougenannt Take or pay-Kontrakter sinn, wou d'Obligatiounen aus deene Kontrakter eraus mussen natierlech laangfristeg op de Präis vum Produkt, an dësem Fall vum Gas, ofgewältzt ginn.

Mä ech wëll awer dem honorablen Här Henckes versécheren, dass d'Lëtzebuerger Regierung sech net hiren Obligatiounen, déi sech aus den europäesche Verträg erginn, entzéie wäert. Mir hunn, wat den elektresche Secteur ugeet, jo zwee Opérateuren hei am Land: d'SOTEL op där enger Säit, d'CEGEDEL op där anerer Säit.

Zënter dem 1. Januar 2003 ginn et 40 Clienten, dat si Clienten, déi eng Consommatioun hu vu méi wéi 9 Gigawatt-Stonnen, déi sech um fräie Marché approvisionnéiere kënnen. Si kënnen dat maachen, wa se do besser Konditioune kréien.

Ech muss Iech awer och soen, dass d'Transportkäschten, net hei zu Lëtzebuerg, mä an Däitschland oder an der Belsch e seriöe Frein sinn, d'selwecht wéi d'Tatsaach, dass mer eigentlech keng, mat enger klenger Ausnahm, zolidd direkt Leitung mat Frankräich hunn, esou dass dat natierlech bei den Transportkäschte mat spillt, an dass duerfir fir eenzel Betriber déi präislech Effete vun der Liberaliséierung, wann een e Benchmarking mécht mat Präisser an anere Länner, um Marché vum Elektresche vläicht nach net voll spillen. Dat huet awer näischt mat der Situatioun hei zu Lëtzebuerg ze dinn. Dat huet haaptsächlech domat ze dinn, dass den Transport an Europa net esou optimal leeft wéi ee sech dat vläicht an der Theorie, wéi soll ech soen, an de communautairen Instanze virgestallt huet.

Den honorablen Deputéierten Henckes, Här President, huet dann och d'Problematik vun deenen eenzelne Gemengebetriber ugeschnidden. Nom Gesetz vum 24. Juli 2000 ass et esou, dass zwee vun deene lokalen Distributeuren, d'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Esch, éligibel sinn, dass déi sech also kënnen - déi hunn eng Consommatioun, déi sech op iwwer 90 Gigawatt-Stonne pro Joer beleeft, wat also 16% vun der Gesamtconsommatioun vum Elektreschen duerstellt - um fräie Marché approvisionnéieren. Mä den Approvisionnement um fräie Marché fir déi zwee Opérateure bréngt deenen net ganz vill, well wa se zesumme mam Client oder mam Distributeur CEGEDEL akafe wesentlech besser Präisser kréie wéi wa se op en anere Marché ginn.

Dass d'Strukture vun deene Betriber hu misse geännert ginn, dat ass eng Konsequenz vun der Direktiv, dass do gesot ginn ass, dass dat muss eng separéiert Kontabilitéit sinn. Dass d'Gemenge Schwieregkeeten hu fir dat esou aus dem Aarm ze rëselen a mir als Regierung net elo d'Gemengen hetzen an dirängelen, fir dat ze maachen, mä dass mer se awer encouragéieren an hinnen hëllefe fir op dee Wee ze kommen an hir Obligatiounen ze respektéieren, dat ass selbstverständlech. Mä mir wëllen awer och net, dass gewuesse Strukturen an de Gemenge mir näischt, dir näischt op d'Kopp gehäit ginn.

Et si verschidden Acteuren do, et ass net nëmmen de Minister deen zoustänneg ass fir Energiefroen an der Regierung, mä et ass och eng Questioun vum Innenministère, déi do mat spille muss.

Wéi elo déi eenzel Betriber sech organiséieren ass net eng Fro vu mengem Departement, mä ass haaptsächlech eng Fro, déi an d'Autonomie communale fält an an de Ressort vum Innenminister. Duerfir, wann do Froe sinn, an da géif ech den Här Henckes bieden déi schréftlech ze formuléieren, da géif ech dofir suergen, dass mir, ech zesumme mat menge Kolleegen an der Regierung, déi beäntwerte géifen.

Vum 1. Januar 2005 u si sämtlech Betriber, déi méi wéi 1 Gigawatt pro Joer verbrauchen, éligibel. Op europäeschem Plang ass et de Wonsch fir dee Mouvement ze accéléréieren. Wann d'Lëtzebuerger Regierung net begeeschtert iwwert déi Pläng ass, dann ass dat well se net gesäit wat dat elo direkt dem normale Konsument abréngt, dem normale Stot hei an der Stad oder zu Esch oder iergendwou anescht am Land, wou deem säin Avantage ass, wann hie sech um Marché par rapport zu där Offer, déi hien elo huet, approvisionnéiere kann. Dat gesi mir net direkt. Mir gesinn och net, dass dat dat géif terribel méi bëlleg ginn. Mir sinn awer bereet all eis Obligatiounen do ze erfëllen.

Datselwecht gëllt fir de Gassecteur, deen elo nom Gesetz, wéi et de 6. Abrëll 2001 vun dëser Chamber verabschiet gouf, ab dem 1. Oktober 2010 komplett fräi ass a jiddferee sech däerf do approvisionnéieren, wou hie wëllt. Et muss een awer och wëssen, Här President, dass zum Beispill beim Gassecteur sukzessiv Regierungen enorm Efforte gemaach hu fir iwwerhaapt de Gasapprovisionnement hei am Land ze assuréieren.

Den Investissement vum ganze SOTEG-Réseau ass net nëmmen héich subventionéiert ginn, mä gläichzäiteg ass de Stat och ganz konsequent an d'Kapital vun där Gesellschaft eragaangen. Déi lokal Distributioune ginn och vu staatlecher Säit ganz héich subventionéiert. Deemools war et de Wonsch sécher ze stellen, dass mer eng Diversifikatioun vun eisem Approvisionnement hätten.

Den ILR wäert senger Aufgab gerecht ginn, fir dofir ze suergen, an d'Gesetz vum ILR, an den Här Biltgen huet dat jo éineschters hei nach erkläert, dass de Rôle vum ILR deen ass vun der Régulatioun fir de Contrôle an d'Transparenz ze assuréieren, fir ze évitéieren, dass een en Abus mécht vun enger Position dominante zum Schued vum Konsument. Dat alles mécht den ILR. Dat ass net ëmmer einfach, well e Betrib, deen eng gewëss Situatioun huet, dee gëtt déi net mir näischt, dir näischt op. Dat sinn déi Diskussiounen, déi normal lafen. Mir hunn do Prozeduren. Déi Prozedure lafen, a wann een net zefridden ass, da kann en déi Recoursen huelen, déi am Gesetz virgesi sinn, mä ech verstinn, Här President, nach eng Kéier net richteg déi, ech wëll net soe Virwërf, mä déi donkel Undeitungen, déi den honorablen Här Deputéierten Henckes hei gemaach huet.

D'Personal wier beonrouegt. Wat fir e Personal? Ech huelen un, dass do vum Gemengepersonal geschwat ginn ass. Dat ass eng Fro, déi muss een de Buergermeeschtere vun deene respektive Gemengen oder dem Innenminister stellen, mä déi kann een net dem Wirtschaftsminister stellen. Ech hunn net d'Kompetenz fir mech do anzemëschen, wéi - dat war jo Är grouss Fro - d'Regierung d'Liberaliséierung ugeet.

Ech kann Iech nëmme soen, dass dës Regierung wéi déi viregt och nach eng Kéier bereet ass all déi europäesch Obligatiounen, déi mer agaange sinn oder déi mer imposéiert kritt hunn, ze respektéieren, mä mir ginn awer déi Liberaliséierung net Hals iwwer Kapp un, mä et soll eng Liberaliséierung sinn déi bien réfléchie ass, fir dofir ze suergen dass dat, wat bis elo gutt fonctionnéiert huet, net a Fro gestallt gëtt an d'Intérête vun de Konsumenten, sief et déi vu privaten oder Entreprisen, net léséiert ginn.

**M. le Président**.- Den Här Henckes huet nach eng Kéier d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Här President, ech erlabe fir d'éischt - déi Froen iwwert d'Règlement-grand-ducauxë kann ech schréftlech hannerleeën - ...

**Une voix**.- Wéi vill sinn et der?

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Et sinn der fënnef.

***(Interruption)***

Neen, keng 95. Ech wëll och drop hiweisen, datt een hei nach eng Kéier gesäit, dass wann een eng Interpellatioun mécht, dann huet een Zäit fir eng Debatt ze strukturéieren, anstatt dass een hei fir esou eng Problematik fënnef Minutten zougestane kritt fir dat ze exposéieren.

***(Interruptions)***

Dat ass manifestement net an der Rei an dat explizéiert och deen Ablack, dass verschidde Mëssverständnisser virkommen.

Dat zweet ass: Wann een eng Regierung interpelléiert, dann huet een net nëmmen eng Question avec débat mat engem Minister, mä mat alle concernéierte Ministeren. An d'Schwieregkeet, déi een huet, dat ass datt ee gesäit, datt et augenblécklech an de Gemengen, ech weess et och a menger Fonctioun als Gemengeconseiller vun der Stad Lëtzebuerg, duerch d'Absence vu kloren Direktiven, Reglementer, etc., ganz schwiereg ass fir sech en Conformitéit zum Gesetz ze setzen. Dat ass dat wat ech wollt opwerfen. Et soll een elo kucke fir eng Léisung ze sichen.

**M. le Président**.- Da wiere mer elo um Enn vun deem Punkt ukomm a mir kéimen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4991, eng Ofännerung vu verschiddenen Artikele vum Code pénal. Et si schonn agedroen: déi Häre Klein, Bettel, Henckes an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Laurent Mosar.

## 4. 4991 - Projet de loi portant modification de certains articles du code pénal

***Rapport de la Commission juridique***

**M. Laurent Mosar** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Projet huet als Objet dräi Artikele vun eisem Code pénal ëmzeänneren an domadder méi Kohärenz an eist Strofrecht ze bréngen.

Den éischten Artikel betrëfft den Artikel 252 vun eisem Code pénal. Dësen Artikel leet de Strofprinzip an d'Strofmooss vun der Tentative am Kader vun engem Verbrieche fest. De Prinzip ass deen, datt mir op der Tentative vun engem Verbriechen déi Strof applizéieren, déi just ënnert där läit, déi mer géife bei engem Verbriechen applizéieren, dat bis zum Schluss duerchgezu ginn ass, an dat dann och en matière pénale ginn ass.

Falls zum Beispill e Verbriechen am Prinzip mat liewenslänglechem Prisong bestrooft gëtt, esou soll elo nom Artikel 52 d'Tentative vun esou engem Verbrieche mat enger Haftstrof vu 15 bis 20 sanctionnéiert ginn. Des Weidere soll een nom Artikel 52 mat enger Prisongsstrof zwëschent 10 a 15 Joer rechnen am Fall vun enger Tentative bei engem Verbriechen, déi normalerweis mat enger Prisongsstrof vu 15 bis 20 Joer bestrooft gëtt. Den Artikel 52 zielt dann och nach e puer aner Beispiller op.

D'Gesetz vum 13. Juni 1994 iwwert de Régime des peines huet an eiser Gesetzgebung en neie Grad bei der Bestrofung vu Verbriechen agefouert, an zwar d'Prisongsstrof zwëschent 20 an 30 Joer. Elo ass et awer esou, dass am Artikel 52 vum Code pénal esou eng Strof net virgesinn ass. D'Jurisprudenz ass zum Schluss komm, dass d'Strof, déi direkt no der liewenslänglecher Haft am Kader vun enger Tentative kënnt, enger Prisongsstrof vu 15

bis 20 Joer entsprécht, wat awer notamment an Usiicht vum Gesetz vun 1994 net kohärent ass.

De virleiende Projet hieft dës Inkohärenz op a mam neie Gesetz steet elo op enger Tentative vun engem Verbriechen, dat normalerweis mat enger liewenslänglecher Strof bestrooft gëtt, eng Prisongsstrof zwëschent 20 an 30 Joer, amplaz vun enger Réclusioun vun nëmme 15 bis 20 Joer. Mir mengen, datt an Ubetracht vu verschiddene schwéiere Verbriechen dës Moossnam gerechtfertegt ass.

Den Artikel 476 gëtt och am Kader vum virleiende Projet de loi ëmgeännert. Nom Artikel 476 steet op der Tentative de vol an der Extorsioun déiselwecht Sanctioun wéi op de Vol an d'Extorsioun, déi ënner gravéirenden Ëmstänn begaange gi sinn. Eenzeg Viraussetzung: den Auteur huet säi Verbriechen net bis zum Schluss duerchgezunn an et bleift dowéinst bei enger Tentative, déi sech nëmmen duerch Ëmstänn erkläre léisst op déi den Auteur keen Afloss huet, dat heescht datt se sech dem Wëlle vum Auteur entzéien.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Den Artikel 476 bezitt sech expressis verbis op den Artikel 473 an op den Artikel 474 vum Code pénal, mä net op den Artikel 475, dee beseet, an ech zitéieren: «que le meutre commis pour faciliter le vol ou l'extorsion ou pour assurer l'impunité sera punie par la réclusion à vie.» De Projet de loi assimiléiert elo d'Hypothees vun enger Tentative de vol ou d'extorsion mat där vun engem Vol oder enger Extorsioun, déi ginn ass, andeem e virgesäit datt den Artikel 476 sech och op den Artikel 475 bezitt.

Den drëtten Artikel, deen dann de virleiende Projet ëmännere soll, ass den Artikel 376 vum Code pénal. A senger aktueller Versioun gesäit dës Dispositioun vum Code pénal vir, datt de Viol, deen den Doud vum Affer mat sech brëngt, mat enger Prisongsstrof vu 15 bis 20 Joer bestrooft soll ginn. Nom aktuellen Artikel 376 vum Code steet op engem Mord, dee begaange gëtt, fir entweder eng Vergewaltegung duerchzezéien oder ze vertuschen, eng liewenslänglech Prisongsstrof.

Den neien Text ersetzt elo de Mord, bei deem et zu enger Vergewaltegungstentative koum, mat engem Mord, wou d'Victime tatsächlech vergewaltegt ginn ass, gläich vun deem Moment u wou et bei enger Tentative bliwwen ass wéinst Ëmstänn op déi den Auteur keen Afloss hat, dat heescht wann den Auteur net fräiwëlleg décidéiert huet de Viol ofzebriechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat kléngt alles ganz komplizéiert, net nëmme fir Net-Juristen, mä och fir Juristen. De Code pénal ass net ëmmer ganz einfach am Verständnis, mä ech menge schonn dass déi verschidden Artikelen, déi mer hei elo ëmänneren, zu enger méi grousser Kohesioun vun eisem Code pénal bäidroen, an dofir géif ech Iech och bieden Är Zoustëmmung dësem Text ze ginn. Ech kann och direkt d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Text ginn.

Ech wéilt awer vun der Geleeënheet profitéieren dem Här Justizminister ze soen, datt et vläicht eng Kéier noutwendeg wär en allgemengen Toilettage vun eisem Code pénal ze maachen. Ech weess, Här Minister, dat ass eng Sisyphusaarbecht, an ech ka mer och virstellen dass et aner Prioritéite ginn, nach awer wär et net onwichteg trotzdeem eng Kéier dës Sisyphusaarbecht unzegoen. Ech mengen, et ass och vill méi einfach fir all déi Leit, déi mat eisem Code pénal ze dinn hunn, wann dëse Code pénal vereinfacht gëtt. An deem Sënn géif ech Iech merci soe fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président**.- Merci, Här Mosar. Als éischte Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Jean-Pierre Klein** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci dem Rapporteur fir säi gudde Rapport. Duerch d'Ofschafung vun der Doudesstrof hei zu Lëtzebuerg ass d'Skala vun den zäitleche Fräiheetsstrofe verréckelt ginn, an zwar ass 1994 am Artikel 8 d'Peine de la réclusion à temps vun 20 bis 30 Joer bäikomm, dobäi ass den Artikel 52 vum Code pénal, wat d'Tentative ubelaangt, net geännert ginn.

D'Tentative gëtt am Prinzip ëmmer mat der Strof beluecht, déi direkt ënnert dem Fait criminel, wann e consomméiert gi wär, läit. De Rapporteur huet dat och elo grad schonn erkläert. An der jëtzeger Situatioun gëtt zum Beispill de Crime, dee mam liewenslängleche Fräiheetsentzuch bestrooft gëtt, am Fall vun der Tentative opgrond vum Artikel 52 vum Code pénal mat 15 bis 20 Joer bestrooft an net mat 20 bis 30 Joer. Den Artikel 52 vum Code pénal muss also mam Artikel 8 vun deemselwechte Code an Aklang, a Relatioun bruecht ginn, an dat geschitt mat dësem Projet de loi, e Parallelismus tëschent den Artikelen 8 an 52 vum Code pénal.

Wat den Artikel 476 vum Strofgesetzbuch ubelaangt, am Artikel 475 vum Code pénal ass de Mord als aggravanten Ëmstand vum Déifstal virgesinn. Also de Vol ass de Fait principal gemäss dem Elément moral vum Täter, souguer wann et bei der Tentative bleift, wann de Mord begaange ginn ass an den Déifstal konnt onofhängeg vum Wëlle vum Täter net getätegt ginn. De Mord ass eng Circonstance aggravante vun der Tentative vum Vol. De Meurtre, wat jo e ganz schroe Crime ass, gëtt an dësem Fall net esou uerg bestrooft wéi wann de Vol gelonge wär. E gëtt nëmme maximal mat 20 Joer Réclusioun bestrooft. Am Fall, wou e gelongene Vol dobäikënnt, kënnt et liewenslänglech ginn.

Deen Décalage tëschent deenen zwee Faiten ass net richteg. De Meutre eleng ka laut dem Artikel 92 mat der liewenslänglecher Strof beluecht ginn. Dofir ass eng Gläichstellung Mord mat gelongenem oder net gelongenem Vol noutwendeg, an dozou d'Referenz am Artikel 476 op den Artikel 475 vum Code pénal.

Den Artikel 376 vum Code pénal betrëfft de Viol. An dësem Artikel gëtt d'Tentative mat der gelongener Dot gläichgestallt. De Statsrot huet heizou eng Differenz proposéiert, zu Recht iwwregens, esou wéi hie seng Theorie entwéckelt huet, wat d'Alinéaen 1 an 2 vum proposéierten Text ubelaangt. Do steet eng Distinctioun tëschent engersäits dem Viol, deen den Doud mat sech bruecht huet, an anersäits dem Mord fir de Viol ze erliichteren, also zwou grondverschidde Situatiounen: den Doud ouni d'Absicht fir en erbäizeféieren an den Doud mat Virbedacht.

Do stellt de Statsrot sech d'Fro mat Recht, an hien huet och duerfir en Text proposéiert, deen nëmmen d'Tentative mam Viol selwer assimiléiert am Fall wou de Mord, also d'Absicht fir d'Affer dout ze maachen, am Spill ass, sief et virun der Tentative, während där oder duerno. D'Commission juridique huet de Raisonnement vum Statsrot akzeptéiert an den ursprüngleche Projet de loi an deem Sënn amendéiert.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, géing ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Klein. Den nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

**M. Xavier Bettel** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen den Här Mosar huet schonn hei alles gesot. Ech sinn net hei fir nach en zweete Rapport ze maachen. Den Här Klein huet och nees eng Kéier verschidden Detailer soulevéiert. Ech wëll hei net nach eng Kéier als Drëtten drop agoen.

Dat eenzegt wat ass, Här President, an den Här Mosar, eise President vun der Kommissioun, sot et och schonn, dass en Dépoussiérage vum Code pénal eppes wär wat vläicht wichteg wär. Ech zum Beispill sinn der Meenung, wéi an deem heiten Text och steet, do schwätzt ee vu Volonté des coupables, ech hunn den Terme Coupables net ganz gären. Ech fannen den Terme Auteur vun enger Infractioun ass op jidde Fall juristesch méi richteg an et gëtt nach verschidden aner Saachen.

Et wär och fir d'Schüler vum Cours complémentaire fir d'Affekoten, fir déi, déi den Avoué ze léieren hunn, vill méi einfach, wann d'Codë méi kloer wären. Mä op jidde Fall brénge ech heimat den Accord vun eiser Fraktioun mat deene puer Bemierkungen, déi ech gemaach hunn.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Bettel. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur a President vun der juristescher Kommissioun huet d'Problematik ganz kloer hei definéiert. Et ass noutwendeg gi fir d'Gesetz vum Code pénal op e puer Punkten ze änneren, well mer gesinn hunn, datt verschidden Ongerechtegkeeten entstinn, wann een d'Gesetzgebung esou léisst wéi se haut ass. Dofir ass dat heiten e positiivt Gesetz an den ADR wäert och dofir seng Zoustëmmung zu dësem Gesetz ginn.

**M. le Président**.- Den Här Urbany, wann ech gelift.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll net esou kuerz schwätze wéi déi meescht vu menge Virriedner, well ech wëll e bësse méi eingehend op dee Projet hei agoen. Ech wëll mengen Iwwerleeungen zwou Bemierkunge viraus schécken.

Éischtens: Strofgesetzer sinn ëmmer delikat Gesetzer, besonnesch wa se Prisongsstrofe virgesinn, déi forcément en déiwen Aschnëtt an d'Fräiheet vun de Bierger duerstellen. Duerfir ass zum Beispill och e wichtege Prinzip am Strofrecht, datt d'Strofgesetzer musse restriktiv interpretéiert ginn.

Zweetens: Déi schlëmmste Strofdot aus humanistescher Siicht bleift et selbstverständlech fir e Mënsch ëmzebréngen. Si rechtfertegt méi wéi all aner Strofdot eng Prisongsstrof. Eng ofgeschwächten Dimensioun vun der Loi du talion, dat heescht Gläiches mat Gläichem, oder op d'mannst Gläiches mat eppes Schlëmmes ze vergelten, bleift e Bestanddeel bei de sougenannte Crimes du sang.

A grad well ee sech bewosst ass, datt déi Dimensioun vun der Vergeltung bei esou Strofen derbäi ass, muss een och d'Prisongsstrofen am Allgemenge mat Verstand asetzen. Et geet net drëm bei Prisongsstrofen e Mënsch ze vernichten no Raten. Si si keen Ersatz fir d'Doudesstrof, déi glécklecherweis ofgeschaaft ginn ass. Si sollen d'Gesellschaft zwar schütze virun neie Gewaltdoten, mä si sollen awer och den Täter net nëmme strofen, mä och besser maachen an e wa méiglech an d'Gesellschaft réintegréieren.

Esou en Objektiv vu Resozialisatioun ass awer och zum Deel incompatibel mat Prisongsstrofen. Dat ass och en Element, niewent der Bestrofung, déi de Législateur an d'Geriichter ëmmer mussen a Betracht zéien. D'Fro vun adaptéierte Strofen a vun engem humane Strofvollzuch stellt sech also an alle Fäll fir de Législateur a fir d'Geriichter. Déi Fro stong och am Mëttelpunkt, Dir Dammen an Dir Hären, vum Gesetz vun 1994 iwwert de Régime des peines, deen nach op eng Virlag vum Minister Robert Krieps zréckzeféiere war.

Dat Gesetz vun 1994 huet zwar eng nei, sougenannt intermédiaire Strof vun 20 bis 30 Joer Prisong an déi Panoplie vun zäitbegrenzte Prisongsstrofe fir begaange Verbrieche bäigefügt, déi deemools nëmme bis 20 Joer gaange sinn, mä et huet sech awer wuel gehitt fir Prisongsstrofen no uewen unzepasse fir Verbriechen, déi verhënnert konnte ginn, also fir Tentative de crime. Dat mécht dat hei Gesetz, andeem et de Maximum bei Tentative de crime vun 20 op 30 Joer eropsetzt.

Mat dësem Gesetz soll elo, wann op deem Verbriechen, wann et begaange gi wier, liewenslänglech géif stoen, net méi 15 bis 20 Joer Prisong stoe wéi bis elo, mä 20 bis 30 Joer wann d'Tentative de crime verhënnert ginn ass. Wann 20 Joer oder 30 Joer Prisong géif stoen op enger Strofdot, déi begaange gi wier, stinn der elo 15 bis 20 drop, wann d'Strofdot verhënnert ginn ass.

Dat gëtt begrënnt domat, datt eng gewësse Graduatioun hiergestallt misst ginn, tëschent de Verbriechen an de verhënnerte Verbriechen, woubäi déi lescht Kategorie ëmmer eng Stuf misst hannert där éischter leien. Dat ass eng reng theoretesch Argumentatioun, woubäi een awer muss bedenken, datt et hei net ëm mathematesch Tabelle geet, déi schéi proportionnell sollen ausgesinn, mä et geet ganz konkret hei drëm, fir konkrete Mënschen zéng Joer Prisong méi ze ginn.

Et däerf ee bei deem Ganzen och net vergiessen, ech wëll et nach eng Kéier widderhuelen, datt et sech ëm eng Tentative de crime handelt, déi selbstverständlech verhënnert konnt ginn, net wéinst dem Wëlle vun deem, dee se ausgefouert huet, mä wéinst dem Wëlle vun Drëtten oder vun Ëmstänn, déi dat esou erginn hunn, mä wou ëmmerhin awer d'Opfer net ëmbruecht ginn ass an nach lieft. Duerfir mengen ech och, datt de Législateur bis elo Recht hat, wann e gesot huet, bei Tentative de crime setze mer eng maximal Strof vun 20 Joer am Text fest.

Et gëtt och am Exposé des motifs drop higewisen, datt et eng flagrant Ongerechtegkeet wier de Mord, dat heescht den Doudschlag mat Absicht, an den Assassinat, dat heescht den Doudschlag mat Plang, gläich ze bestrofen, während jo awer den Assassinat virun 1979 mam Doud bestrooft gi wier.

De Statsrot weist zu Recht drop hin, datt un där Tatsaach do jo näischt mat deem heite Gesetz geännert gëtt, well esouwuel bei enger begaangener Strofdot wéi och bei enger Tentative de crime ëmmer nach déi Parallelitéit vun der Bestrofung besteet zwëschent Assassinat a Meurtre. Haut sinn et 15 bis 20 Joer, bei der Tentative d'assassinat wéi bei der Tentative de meurtre. Mat deem heite Gesetz sinn et an Zukunft 20 bis 30 Joer.

Dat heescht, d'Intentioun bei deem heite Gesetz schéngt ganz kloer eleng dran ze bestoen, eng Répression renforcée ze maache vun enger bestëmmter Kategorie vu Verbriechen, vun enger Tentative de crime. Dat seet de Statsrot ganz däitlech, an et muss ee feststellen, datt keng richteg Erklärung an deem ganze Projet de loi dran ass, firwat dat dann elo soll geschéien. Ass et zréckzeféieren op eng Praxis vun de Geriichter, ass et zréckzeféieren op eng Demande vun de Geriichter? Ech fannen an deem ganzen Text keen Avis vum Parquet dran. Ech fanne keen Avis vu Geriichter dran. Ech fannen och keng Statistik dran, zum Beispill iwwer konkret Strofmoossnahme wéi se ugewannt géife ginn.

Deemools, wéi d'Gesetz vu '94 diskutéiert ginn ass, hat den deemolege Premier Avocat général Alphonse Spielmann an engem Avis…

**M. le Président**.- Maacht lech fäerdeg, Här Urbany.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Ech si gläich fäerdeg, Här President.

…vum 23. Mee 85 gesot - deemools ass jo d'Strofmooss op 20 bis 30 Joer festgesat gi bei enger Strofdot, déi wierklech begaange ginn ass -, et géif eigentlech keng Demande gi vun de Geriichter fir esou en Erophiewe vum Strofmooss, an dat reellt Strofmooss an der Praxis géif leie bei 14 an een halleft Joer deemools.

Eleng déi Considératiounen do ginn duer fir mech fir ze soen, datt ech dee Projet hei net ka stëmmen, et sief dann déi heite Bestëmmung gëtt aus dem Projet erausgeholl, well mat deenen zwou Bestëmmungen duerno kann een d'accord sinn. Et feelt mer leider elo un der Zäit fir ze erklären aus wat fir engen Ursaachen, mä ech kann dat dann nach vläicht herno maachen.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Urbany. D'Regierung wëllt d'Wuert net. Et ass alles kloer. D'Diskussioun ass dann elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi a stëmmen doriwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Niki Bettendorf)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4991.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass matt 55 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm an enger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling (par M. Marco Schroell), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jean-Paul Rippinger), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Maggy Nagel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Alexandre Krieps) et Théo Stendebach (par Mme Agny Durdu);*

*M. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot (par M. Mars Di Bartolomeo), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves*

*Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Jean Colombera) et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*A voté non: M. Serge Urbany.*

*S'est abstenue: Mme Lydie Err.*

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5072 iwwert d'Geriichtsbibliothéik. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Klein, Bettel an Henckes. D'Wuert huet elo den Här Laurent Mosar a Vertriedung vum Här Patrick Santer, dee Rapporteur vum Projet genannt gi war. D'Wuert huet den Här Mosar.

## 5. 5072 - Projet de loi portant

## 1. modification de l'article 46 et de l'article 56-2 de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire, et

## 2. introduction des articles 37-2 et 78-2 dans la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif

***Rapport de la Commission juridique***

**M. Laurent Mosar** *(CSV), en remplacement de M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'éischt wëll ech hei mäi Fraktiounskolleeg Patrick Santer excuséieren, deen a sech Rapporteur vun deem Projet ass, awer leider haut net ka bei eis sinn, wat mir dann de Plëséier gëtt Iech de mëndleche Rapport virzedroen. Ech wëll fir d'alleréischt awer vun dëser Plaz aus dem Patrick Santer fir säin excellente schréftleche Rapport merci soen.

Dee Projet, dee mer haut hei an der Chamber zur Ofstëmmung virleien hunn, huet eng Rei vun Zilsetzungen. Fir d'éischt gëtt den Artikel 46 vum Gesetz iwwert d'Organisation judiciaire ëmgeännert. Well déi praktesch Uwendung vun dësem Artikel, souwéi en elo verfaasst ass, problematesch ass, soll de virleienden Entworf dës Dispositioun méi genee ausleeën.

Hei geet et also ëm de fräien Zougank zur zentraler Bibliothéik, déi a sech der Magistratur an de Riichtere soll virbehale bleiwen. D'Bibliothéik ass awer nom virleienden Text och op fir Affekoten, Notairen oder Dierwiechteren. Dësen Zougank ass awer net onageschränkt.

D'Reglement wäert dësen Zougank an Zukunft regelen an d'Bibliothéik soll dann och fir all aner Persounen, déi weder an déi eng nach an déi aner Kategorie falen, am Prinzip net zougängeg sinn.

De Procureur général d'Etat kann awer an dësem Fall den Accès extra erlaben. De Gesetzestext gesäit och d'Ernennung vun engem Fonctionnaire, dee sech ëm de Fonctionnement an d'Gestioun vun dëser Bibliothéik soll këmmeren, vir. Beim Zougank zum Jurisprudenzfichier, dat heescht zu deem Fichier, deen all Jugementer an Arrêtë beinhalt, ass deeselwechte Prinzip zréckbehale gi wéi fir d'Zentralbibliothéik vun der Magistratur. D'Riichteren hunn also e komplett fräien Zougank, während d'Affekoten, d'Notären an d'Dierwiechtere wéi och d'Öffentlechkeet nëmmen no bestëmmte Konditiounen a Modalitéite kënnen op dës Fichieren zréckgräifen. Hei soll och e grousherzoglecht Reglement d'Konditiounen an d'Modalitéite festhalen.

Den initialen Text hat u sech den Accès vun der Öffentlechkeet zum Jurisprudenzfichier enger schréftlecher Autorisatioun vum Procureur général d'Etat ënnerluecht. Vu datt d'Iddi awer war, der Öffentlechkeet en Zougank zu dëse Fichieren zouzesécheren, war de Statsrot der Meenung, an d'Commission juridique deelt dës Meenung, dass et besser wier ganz einfach fir all Net-Magistrat en Zougank virzegesinn, mä dësen Accès dann awer iwwer Règlement grand-ducal ze reglementéieren.

De Projet gesäit als zweet vir den Artikel 56-2 vum Gesetz iwwert d'Organisation judiciaire ëmzeänneren, Artikel dee sech op d'Assesseure vun den Aarbechtsgeriichter bezitt. Den Objektiv ass, hei mat alle Mëttelen, och wann et klenger sinn, wéi dat hei de Fall ass, e performante Geriichtssystem ze promovéieren. Mir wëssen datt d'Aarbechtsgeriichter ëmmer méi belaascht ginn. Wann een awer wëllt datt dës Geriichter hir Dossiere korrekt an engem vernünftegen Zäitraum ofschléisse sollen, ass et fir d'alleréischt noutwendeg d'Zuel vun deenen Assesseuren eropzesetzen, an zwar vun 21 Memberen op 42, wéi dat am Kader vum Projet de loi virgesinn ass.

De Regierungstext hat virgesinn dass d'Zuel vun den Assesseuren net méi géif iwwer e Gesetz, mä iwwer Règlement grand-ducal bestëmmt ginn. Fir d'Auteure vum Projet géif ee mat esou enger Reform vill Zäit spueren. Et wier ëmmerhi méi einfach e Reglement ze ännere wéi e Gesetz.

Souwuel d'Commission juridique wéi awer och de Statsrot si vun dëser Motivatioun net iwwerzeegt gewiescht, well den Artikel 94 vun eiser Verfassung ganz kloer seet, dass d'Organisation judiciaire iwwert de Wee vun engem Gesetz geregelt soll ginn, an dëst gëllt dann och ënner anerem fir de Bestëmmungsmodus vu senge Memberen.

Säit der Revisioun vum Artikel 94 an der gläichzäiteger Schafung vun den Aarbechtsgeriichter ass d'Zuel vun den Assesseuren ëmmer iwwert de Wee vun engem Gesetz festgehale ginn, esou datt een dovu kann ausgoen, datt d'Fro vun der Zuel vun den Assesseuren eng Fro ass déi der Organisation judiciaire ënnerläit. Esouguer wann dat net sollt de Fall sinn, ass et dach esou datt e Reglement nëmme kann e Gesetz exécutéieren, an anere Wierder d'Detailer virgesinn. Mä nach muss e Gesetz d'Prinzipië festleeën, déi ze exécutéiere sinn. Et bleift also d'Fro, ob déi initial Propos wierklech näischt aneschters ass wéi eng detailléiert Ausféierung. Wéinst enger méiglecher Incompatibilitéit mam Artikel 94 vun eiser Verfassung huet de Statsrot awer ugedeit sech formell géint den initialen Text ze opposéieren.

D'Kommissioun huet dann och d'Meenung vum Statsrot gedeelt, esou datt de virleienden Text an net e Reglement d'Zuel vun den Assesseure bestëmmt.

De Projet de loi gesäit dann och nach vir déi obligatoresch Residenzverflichtung, deenen normalerweis d'Assesseuren ënnerworf sinn, ëmzeänneren. Bis haut ass et esou, datt ee muss an deem Bezierk vum Aarbechtsgeriicht wunne wou een als Assesseur genannt ginn ass. Wann een also zum Beispill zu Dikrech wunnt, kann een net nom aktuellen Text zu Lëtzebuerg als Assesseur genannt ginn. Dëst soll awer elo mam virleiende Gesetz erméiglecht ginn. Dës Moossnam ass dann och ze begréissen, am Sënn datt se fir méi Flexibilitéit vun den Aarbechtsgeriichter wäert suergen.

De Gesetzesprojet féiert dann och nach zwou nei Dispositiounen am Kader vum Gesetz vun 1996 iwwert d'Organisatioun vun den administrative Juridictiounen an, an zwar d'Artikelen 37-2 an 78-2. Domadder wier d'Fro dann och vun den Absencen am Kontext vun engem Congé sans solde och um Niveau vun dëse Geriichter geregelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech géif Iech bieden dem virleiende Projet Är Zoustëmmung ze ginn an och direkt mam gudde Beispill virgoen an d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun ginn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Jean-Pierre Klein** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, merci dem Rapporteur fir deen ausféierleche Bericht. Et geet hei ëm d'Ofännerung vun den Artikele 46 a 56-2 vum Gesetz iwwert d'Organisation judiciaire. De Statsrot huet fir den Artikel 46 e komplett ëmgeännerten Text virgeschloen. Dësen Text ass méi kohärent a méi logesch wéi den ursprüngleche Regierungstext. D'Commission juridique huet de Conseil d'Etat integral suivéiert a sengen Iwwerleeungen.

De Service de documentations vum Geriicht ass méi am Detail opgedeelt a reglementéiert ginn. E gëtt och elo dem Public accessibel gemaach, dat awer ënner ganz bestëmmte Konditiounen, déi duerch Règlement grand-ducal festgeluecht ginn. Dat ass en Avantage fir d'Leit, déi sech zum Beispill fir Jurisprudenz interesséieren oder déi iergendwéi Goût um Droit fonnt hunn. Et ass och besonnesch zum Virdeel vu Studenten, déi wëlle fir hiren Examen déi eng oder aner Recherche maachen a sech dokumentéieren. Am ursprünglechen Text war och virgesinn, datt kënnt eng Redevance fir d'Konsultatioun vun den Dokumenter virgesi ginn. Dat figuréiert elo net méi am definitiven Text. Och besonnesch ass dat gënschteg fir, wéi gesot, d'Studenten.

Et gëtt och elo e Fonctionnaire-rédacteur agestallt, dee sech mat der Gestioun vum Service befaasst an deen, hoffe mer, alle Benotzer vun deem öffentlechen Déngscht behëlleflech ass. Mir bedaueren, och wéi d'Chambre du Travail, datt d'Konditioune fir den Accès zu der Dokumentioun net fir all Kategorië vun Usageren déiselwecht sinn, also zweeërlee Mooss a Gewiicht. Déi eng mussen eng speziell Autorisatioun vum Procureur général hunn, déi aner net, obwuel datt fir all Kategorië Steiersuen agesat ginn.

Wat d'Assesseure vum Tribunal du Travail, vum Aarbechtsgeriicht, ubelaangt, do huet de Statsrot eng formell Oppositioun gemaach, well d'Zuel vun deenen Assesseuren net ka festgeluecht ginn iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal. Dës Bestëmmung misst scho gemäss dem Artikel 94 vun der Verfassung an d'Gesetz selwer ageschriwwe ginn an net dem Pouvoir réglementaire iwwerlooss ginn. D'Commission juridique huet deem formellen Awand jo och Rechnung gedroen.

D'Chambre du Travail huet eng gutt Iddi, där ee misst Rechnung droen, fir den Assesseuren Formatiounscoursen an eng Formation continue unzebidden, fir hiren Job am Intérêt vun de Parteien, de Justiciabelen, auszeüben.

Wat d'Gesetz vum 7. November 1996 iwwert d'Organisatioun vun de Verwaltungsgeriichter ubelaangt, gëtt dat an deem Sënn ergänzt, datt wann e Riichter Congé sans traitement huet, datt dee kann ersat ginn esou laang wéi de Congé sans traitement dauert. Dat ass am Intérêt vun der Continuitéit vun deem Service, an et gëtt och gesot datt, wa säi Congé sans traitement ofgelaf ass, en da seng Plaz an der Magistratur, um Tribunal administratif nees kann erëmkréien, quitte datt en, wa kee Poste fräi ass, dann hors cadre gefouert gëtt. Dat gëtt deene Leit och eng bestëmmt Garantie. Si brauchen net ze fäerten, datt se net méi réintegréiert gi wann hire Congé sans traitement ofgelaf ass.

Dir Dammen, Dir Hären, och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

**M. Xavier Bettel** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech merci. Ech soen nach eng Kéier dem Här Mosar a Vertriedung vum Här Santer merci fir de Rapport.

Ech wëll net nach eng Kéier e Rapport maachen. Et ass alles gesot ginn. Ech hu just eng kleng Kritik, déi ech mer erlabe wëllt. Ech hunn et nämlech schonn an der Commission juridique eng Kéier gefrot. Ech hunn et eng zweete Kéier widderholl de 14. Mee. Ech sinn ee vun deenen Deputéierten, dee gäre bei engem Projet de loi, wou sech op Règlements grand-ducaux zréckberuff gëtt, och d'Méiglechkeet eng Kopie an d'Informatioun iwwert de Règlement grand-ducal ze hunn, well déi éischt Fro, déi hei dran ass, ass déi, déi ech gestallt kréien herno an engem Conseil. Wéi sinn dann d'Modalitéite fir bei d'Bibliothéik vun der Magistratur kënnen ze goen? A mir hunn en Text gestëmmt a mir wëssen awer net wéi duerno d'Modalitéite sinn.

En plus zitéiert de Conseil d'Etat a sengem Avis de Règlement grand-ducal. Mir hunn awer keng Kopie kritt als Kommissioun, als Deputéierten. Ech fannen dat schued.

Ech wëll awer och just soen zu deem heite Projet, dass ech frou sinn, dass endlech d'Affekoten dierfen an der Bibliothéik vun der Magistratur an de Fichier vun der Jurisprudenz siche goen, well et d'armes égales an d'égalité an engem Prozess sollen och garantéiert ginn, dass jiddereen déiselwecht Méiglechkeeten huet fir d'Défense ze assuréieren, an dass d'Affekoten elo an der Zukunft däerfen déiselwecht Méiglechkeete kréie wéi d'Magistratur.

Déi aner Saach, mam Tribunal de travail, do ass et och wichteg, dass 42 Effektiver elo do sinn. Ech mengen, et ass immens vill Aarbecht do an et ass ebe fir dat Ganzt ze facilitéieren.

Op jidde Fall brénge ech Iech heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, awer nach eng Kéier, Här Minister, en Appel, an Zukunft hätt ech gären e Règlement grand-ducal beim Projet de loi.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Ech wollt just den Accord vun eiser Fraktioun zum Gesetzesprojet brénge an dem Rapporteur félicitéiere fir säi gudde Bericht.

Merci.

**M. le Président**.- Den Här Urbany huet elo d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Här President, ech wëll hei just soen, dass ech mech wäert bei deem Projet do enthalen, an zwar mat deem Argument, dat den Här Bettel elo sot, well kee Projet de règlement do dobäi läit. Ech menge grad an där Matière do kënnt et vill drop un, wat an deem Reglement do dra steet. Ech froe mech iwwregens wat an der Praxis sech soll änneren, wann een d'Localitéite kennt an där déi Bibliothéik do ass, wat do an der Praxis par rapport zu haut wierklech ännere soll.

Aus där Ursaach wëll ech mech enthale bei deem Projet do, obschonn ech am Prinzip awer mat deenen anere Bestëmmungen d'accord sinn.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Minister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden,** *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ganz kuerz de Rapporteuren, deem schréftleche Rapporteur an deem mëndleche Rapporteur, deenen Häre Santer a Mosar, merci soe fir hir Rapporten. Merci och deenen anere Kolleegen, déi heizou an der Kommissioun an heibannen intervenéiert sinn.

Ech géing just zwee wichteg Punkten ervirhiewen, déi d'politesch Volontéit vun der Regierung beweise fir e gutt Fonctionnement vun de Geriichtsbarkeeten ze assuréieren. Éischtens d'Augmentatioun vun der Zuel vun den Assesseure bei den Aarbechtsgeriichter. Zweetens sécher ze stellen, datt beim Verwaltungsgeriicht, och wann een e Congé sans solde huet, mir dee kënnen als Riichter ersetzen.

Mir haten de Mëtten hei eng Debatt iwwert d'Durée vun de Prozesser en matière pénale. Hei si mer net en matière pénale, mä en matière du droit du travail an en matière du droit administratif. Et läit mir duerfir vill drun ze ënnersträichen, dass duerch dës Projeten, déi séier - an dat ass och normal - duerch d'Chamber ginn, wesentlech Akzenter gesat ginn, fir datt d'Affären, déi zum Beispill beim Verwaltungsgeriicht leien, och kënne gutt evakuéiert ginn, wann e Riichter vu sengem statutaresche Recht Gebrauch mécht, fir eng Zäitchen e Congé sans solde ze hunn. Dofir ass et fir zwou Geriichtsbarkeeten e wichtegt Gesetz.

Eng lescht Remarque iwwert de Règlement grand-ducal. De Règlement grand-ducal ass eng Kompetenz vum exekutive Pouvoir. Dat doten ass nämlech e Punkt, deen ëmmer erëm an den Diskussiounen opkënnt. Et ass esou, dass e Gesetz gestëmmt gëtt an da kënnt de Règlement grand-ducal an d'Regierung mécht deen innerhalb vun deene Kompetenzen, déi se no der Verfassung huet.

Et ass net esou, dass d'Chamber bei all Gesetz och muss de Règlement grand-ducal dobäi hunn. Ech verstinn, dass dofir e groussen Intérêt besteet, mä dat ass net ëmmer méiglech. An dësem Fall hunn ech de Projet de règlement grand-ducal, ech ginn e gären och un d'Deputéierte weider, mä dat ass a bleift eng Kompetenz vum Exekutiven an et wär net gutt, wa bei all Projet de loi direkt och missten all d'Reglementer dobäi sinn.

***(Interruption)***

Da misst ee schonn an Zukunft soen d'Chamber stëmmt och d'Reglementer. Ech mengen, dat ass net an der Iddi gewiescht. D'Gesetz gëtt eis d'Basis opgrond vun deem d'Regierung exekutéiert. Mä an dësem Fall hunn ech e bäi mer an ech wäert herno deenen zoustännegen Deputéierten, déi sech dofir interesséieren, ganz gären eng Kopie matginn. Da kënne se dat den Owend doheem studéieren.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. Lucien Weiler** *(CSV).*- Ech sinn net ganz d'accord mat deem wat den Här Minister seet.

***(Interruption)***

Ma neen, mir brauchen dach net e Blanc-seing hei auszestellen.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5072 a stëmmen doriwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Marcel Glesener (par M. Nico Loes), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling (par M. Jean-Paul Rippinger), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. John Schummer);*

*MM. Jean Asselborn (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen (par M. Jean-Pierre Koepp), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da wiere mer domadder um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si virgesinn de 17., 18. an 19. Juni. Den Ordre du jour gëtt Iech schréftlech zoukomme gelooss.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 16.52 heures)***

## MARDI, 17 JUIN 2003

# 62E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**

**1.** Communications

**2.** Ordre du jour

**3.** Dépôt de deux propositions de loi

**4.** Heure de questions au Gouvernement

- Question N° 306 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Laurent Mosar au sujet du statut et du fonctionnement de la société coopérative "Spidolswäscherei", adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale
- Question N° 307 du 16 juin 2003 de Monsieur le Député Jeannot Krecké au sujet des conclusions des groupes de travail issus de la table ronde sur les pensions de l'année 2001, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale
- Question N° 308 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Gusty Graas au sujet de l'interruption de l'alimentation en eau potable du réservoir principal à Eschdorf à partir de la station de traitement à Esch-sur-Sûre, adressée au Ministre de l'Intérieur
- Question N° 309 du 16 juin 2003 de Madame la Députée Renée Wagener au sujet des retours des demandeurs d'asile déboutés, adressée au Ministre de la Justice
- Question N° 310 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Marco Schank au sujet de la stratégie gouvernementale en matière de réduction des émissions à effet de serre, adressée au Ministre de l'Environnement
- Question N° 311 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Alex Bodry au sujet du prochain sommet de la Grande Région, adressée au Ministre de l'Intérieur
- Question N° 312 du 17 juin 2003 de Madame la Députée Maggy Nagel au sujet du financement des installations du Syndicat intercommunal pour la collecte, l'évacuation et l'élimination des ordures ménagères et industrielles (SIGRE) en provenance des communes de la région de Grevenmacher, Remich et Echternach, adressée au Ministre de l'Intérieur
- Question N° 313 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Jean Huss au sujet du conflit social entre l'Entente des Hôpitaux Luxembourgeois et les syndicats du secteur santé, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale
- Question N° 314 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Patrick Santer au sujet des problèmes juridiques se posant au niveau de la création d'un lieu d'injection (Fixerstuff), adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale
- Question N° 315 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Ben Fayot au sujet des résultats de la récente enquête Eurobaromètre sur les attitudes vis-à-vis de la discrimination, adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse
- Question N° 316 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Ben Fayot au sujet du projet de Constitution élaboré par la Convention sur l'avenir de l'Europe, adressée au Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur
- Question N° 317 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Jos Scheuer au sujet du problème des surqualifications de nombreux candidats à l'examen-concours pour l'admission au stage dans la fonction publique, adressée au Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative

**5.** 5105 - Projet de loi relatif à l'adhésion du Luxembourg à la Banque Asiatique de Développement

*(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

6. 5073 - Projet de loi modifiant la loi du 21 juin 1999 autorisant l'Etat à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers

*(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Charles Goerens et Carlo Wagner, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.00 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

***(Négation)***

## 1. Communications

Ech hunn Iech folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 12 juin 2003, les projets de loi suivants:

- Projet de loi N° 5165 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme portant transposition de la directive 2001/97/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 décembre 2001 modifiant la directive 91/308/CEE du Conseil relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins de blanchiment de capitaux et modifiant:

1. le code pénal;

2. le code d'instruction criminelle;

3. la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire;

4. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;

5. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

6. la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances;

7. la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat;

8. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

9. la loi modifiée du 28 juin 1984 portant organisation de la profession de réviseur d'entreprises;

10. la loi du 10 juin 1999 portant organisation de la profession d'expert comptable;

11. la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives;

12. la loi générale des impôts („Abgabenordnung").

- Projet de loi N° 5166 modifiant la loi du 25 juillet 2002 portant création et réglementation des professions de géomètre et de géomètre officiel et portant modification de la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales.

3) Par lettre du 5 juin 2003 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir le texte des résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 12 au 15 mai 2003:

- position sur la proposition de décision du Conseil concernant la conclusion d'un accord visant à renouveler l'accord de coopération dans le domaine de la science et de la technologie entre la Communauté européenne et le gouvernement de la Fédération de Russie

- résolution sur les travaux de l'Assemblée parlementaire paritaire ACP-UE en 2002

- résolution sur la protection des artistes du secteur audiovisuel

- résolution sur la recommandation de la Commission concernant les grandes orientations des politiques économiques des Etats membres et de la Communauté (période 2003-2005).

## 2. Ordre du jour

D'Presidentekonferenz huet an hirer Sitzung vum 6. Juni décidéiert, datt d'Chamber haut de Mëtten an iwwermuer mat folgendem Ordre du jour siégéiert:

Haut de Mëtten hu mer eng Froestonn un d'Regierung an duerno de Projet de loi 5105 iwwert de Lëtzebuerger Bäitrëtt an d'Banque Asiatique de Développement. Bei dësem Projet ass eng qualifizéiert Majoritéit erfuerdert. Dann hu mer nach de Projet de loi 5073 iwwert d'Spideeler.

En Donneschdeg hu mer éischtens de Projet de loi 4807 iwwert d'Pratiques commerciales restrictives, zweetens de Projet de loi 4997, e Protokoll vum BENELUX-Gesetz iwwert d'Marken an drëttens de Projet de loi 5083 iwwert d'Affectatioun vun Iwwerschëss vun de Recetten aus dem Joer 2001. Op Wonsch vum Rapporteur a mam Averständnis vun der Regierung kënnt dëse Projet en Donneschdeg als éischten un d'Rei.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour d'accord?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Den Här Alex Bodry freet d'Wuert fir den Dépôt vun zwou Propositions de loi. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

## 3. Dépôt de deux propositions de loi

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et si gläich zwou Propositiounen, déi ech hei déposéiere wëll.

Eng éischt Proposition de loi behandelt d'Ëmännerung vum Gesetz vum 27. November 1980 iwwert d'Ëmweltverwaltung. Ech gesinn dës Proposition de loi als Alternativ zum Regierungsprojet 4863. Mir kënnen déi dann zesummen diskutéieren a kucke wien déi beschten Texter presentéiert, Här Rippinger.

Déi zweet Proposition de loi ass déi, déi een neien Artikel 940-1 an de Code de procédure civile aféiert, respektiv déi den Artikel 41 vum Gesetz vun 1999 iwwert d'Police an d'Inspection générale de la Police, wéi d'Artikelen 58 an 68 vum Gemengegesetz vun 1988 ëmännert. Dat heiten ass och geduecht als Alternativ zum Regierungsprojet 5076 bekannt ënnert dem Numm Lex Greenpeace.

*- Proposition de loi N° 5167*

*- portant introduction d'un article 940-1 nouveau au Nouveau Code de Procédure civile*

*- modifiant a) l'article 41 de la loi du 31 mai 1999 sur la Police et l'inspection générale de la Police b) les articles 58 et 68 de la loi communale du 13 décembre 1988, telle que modifiée par la suite, et*

*- Proposition de loi N° 5168 portant modification de la loi modifiée du*

*27 novembre 1980 ayant pour objet la création d'une administration de l'environnement.*

**M. le Président**.- D'Chamber hélt Akt vum Dépôt vun zwou Propositions de loi duerch de Kolleeg Alex Bodry. Si gi weidergeleet un déi zoustänneg Kommissiounen an un de Statsrot.

## 4. Heure de questions au Gouvernement

Haut de Mëtten hu mer als éischte Punkt eng Froestonn un d'Regierung. Déi éischt Fro ass d'Fro 306 vum Här Laurent Mosar un de Gesondheetsminister iwwert d'Coopérative „Spidolswäscherei".

Ech maachen drop opmierksam, dass d'Froen zwou Minutten dierfen daueren an d'Regierung véier Minutten Zäit huet fir ze äntwerten. Ech géing jiddferee bieden sech dorun ze halen.

Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**- Question N° 306 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Laurent Mosar au sujet du statut et du fonctionnement de la société coopérative „Spidolswäscherei", adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**

**M. Laurent Mosar** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech hunn d'lescht Woch an eiser geschriwwener Press gelies, datt d'Société coopérative vun der Spidolswäscherei en Direkter engagéiert. Mir wëssen, dass d'Spidolswäscherei u sech eng ganz begréissenswäert Initiativ ass, well et hei ëm d'Réinsertioun vun Détenuen an d'professionellt Liewe geet. Op där anerer Säit stellen sech awer hei eng Rei vu Froen, wat d'Wäsch vun de Spideeler ubetrëfft, notamment d'Qualitéit an d'Ponctualitéit.

Déi Froen, déi ech dozou wëll un de Gesondheetsminister stellen:

- Besteet en definitiivt Konzept, wat d'Strukturen an de Fonctionnement vun dëser Société coopérative ubetrëfft? Wéi vill Leit sollen hei schaffen? Wéi gesäit et do mat der Formatioun aus?

- Déi Quantitéiten, déi virgesi sinn, fir gewäsch ze ginn, gesinn eng Verdueblung vun den aktuelle Quantitéite vir, wou ech dann also gär vum Gesondheetsminister wësse géif, wou a sech déi Verdueblung vun de Quantitéite vun deene Spideeler hierkënnt?

- Mir hu viru kuerzem hei en neit Gesetz iwwert d'Marchés publics gestëmmt. Applizéiert dat Gesetz sech net och op d'Spideeler, besonnesch wat déi öffentlech-rechtlech Spideeler ubetrëfft, wat d'Ausschreiwe vun esou Servicer ubelaangt?

- Fäert de Gesondheetsminister net, dass hei eng Concurrence déloyale par rapport zum Privatsecteur wäert bestoen a riskéiere mir do net eventuell op d'Fangere geklappt ze kréie vun der Europäescher Kommissioun?

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo de Gesondheetsminister Carlo Wagner.

**M. Carlo Wagner,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et deet mer Leed, mä et ass mir schwiereg op déi dote Froen ze äntwerten.

Dir wësst, dass déi Spidolswäscherei eng Coopérative ass vun der EHL, wou déi verschidde Spideeler sech ugeschloss hunn, mä déi huet kee Lien mam Ministère de la Santé. Dat heescht an anere Wierder, déi Spidolswäscherei läit nullement an de Kompetenze vum Minister vun der Santé. Et kënnt héchstens eppes ze dinn hunn, kënnt ech mir virstellen, vläicht mam Minister vun der Justiz oder mam Minister vun de Classes moyennes, wat d'Autorisatioun ubelaangt, mä wéi gesot et besteet kee Lien tëschent der Spidolswäscherei an dem Ministère de la Santé. Merci.

**M. le Président**.- Mir kommen zur Fro 307. Do kritt den Här Jeannot Krecké d'Wuert fir un de Minister vun der sozialer Sécherheet eng Fro ze stellen iwwert de Rentendësch.

**- Question N° 307 du 16 juin 2003 de Monsieur le Député Jeannot Krecké au sujet des conclusions des groupes de travail issus de la table ronde sur les pensions de l'année 2001, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn eng Déclaratioun finale vum Rentendësch op de 16. Juni 2001 gehat, déi eng Rei „Mesures à discuter" virgesäit, well mer alleguerten zur Konklusioun komm sinn, inklusiv de Minister, dass do eng Rei Froen opgeworf gi sinn, déi wichteg genuch si fir weider analyséiert ze ginn, mä wou et zäitlech bedéngt net méiglech war déi zu deem Zäitpunkt zu engem gudden Ofschloss ze bréngen.

Doropshin sinn an der Déclaration finale véier Punkte festgehale ginn, wouvun deen éischte Punkt d'Individualisatioun vun de Rechter betrëfft awiefern een do net misst méi wäit goe wéi dat, wat mir bis elo hunn. E Groupe de travail war virgesinn, deen déi Fro behandele sollt a wou och de Conseil national des femmes luxembourgeoises mat bäigezu sollt ginn.

Wéisou hunn d'Membere vum Rentendësch, wéisou hunn d'Organisatiounen, déi um Rentendësch waren, wéisou huet d'Chamber iwerhaapt keng Kenntnis vun deem, wat dee Groupe de travail bis elo gemaach huet? Huet en iwwerhaapt ugefaange mat schaffen? Wa jo, firwat hu mir keng Kenntnis dovunner, zwee Joer si verbäi, wou mir eis dach alleguerten eens waren, dass déi Leit sollte mat agebonne ginn, déi op deem Rentendësch waren?

Mir haten dräi Sujeten, dat eent war d'Carrière dynamique, dat anert waren d'Pensions complémentaires, dann nach d'Sources de financement alternatives et complémentaires, wou och sämtlech Leit, inklusiv de Minister, der Meenung waren, dass een do sollt weider nodenken. Zu deenen dräi Punkten sollten dräi Gruppe schaffen, déi eng ähnlech Kompositioun sollten hu wéi déi vum Rentendësch. Da ginn ech also dovun aus, dass déi Organisatiounen, déi do vertruede waren, hätte misse gefrot gi wie se dohinner géife schécken en y associant bien sûr d'autres organisations représentatives.

Nach eng Kéier meng Fro: Wéi ass et méiglech, dass zwee Joer nodeem mer dat décidéiert hunn zumindest eis Fraktioun keng Kenntnis dovunner huet?

***(Interruption)***

Mir wollte kee Rentendësch II, mir wollte Groupes de travail.

Här President, wann den Här Weiler mir eng Fro ze stellen huet, dann hunn ech kee Problem domat. Ech wollt dem Minister eng stellen, mä ech äntweren awer och dem Här Weiler gären, mä da kréien ech dat awer net vu menger Zäit ofgerechent.

Här Weiler, mir haten ofgemaach, dass mer kee Rentendësch II an där doter Form wéilten, an dass et Groupes de travail wären, déi dat géife maachen, mä wou d'Kompositioun vum Rentendësch géing respektéiert ginn. Wéisou huet zumindest eis Organisatioun - Dir hutt vläicht Kenntnis dovunner - keng Kenntnis dovunner, ob déi Aarbechtsgruppen zesummegesat sinn, wéi se zesummegesat sinn, wat se bis elo geschafft hunn a wat d'Resultater sinn?

Här Minister, ech fannen zwee Joer nom Rentendësch muss do iergendeppes schief gelaf sinn, well et ka jo net sinn, dass mir keng Kenntnis dovunner hunn, wann do excellent Aarbecht an de Kulissen, besonnesch op deenen dräi leschten Themen, soll geschitt sinn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

**M. Carlo Wagner,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, mir haten effectivement eng kleng Schwieregkeet bei der Kompositioun vun deene Groupes de travail, justement wéi et elo richteg gesot ginn ass, well d'Sozialiste jo kee Rentendësch II wollten, awer Groupes de travail, déi déiselwecht Kompositioun respektéiert hätte wéi um Rentendësch. Dann hätte mer awer e Rentendësch II gehat an dat wollten se jo awer net. Dofir si mer op de Wee gaange vun de jëtzege Groupes de travail.

Ech hunn dat d'ailleurs schonn eng Kéier viru laanger Zäit der Chamber erkläert, dass mer géife Groupes de travail maache mat de Partenaires sociaux zesumme mat aneren Organisatiounen, wann dat noutwendeg wär. Déi Groupes de travail sinn zesummekomm.

Bei de Sources de financement wollte mer kucke wéi ee kéint supplementar oder alternativ Sources de financement hei am Land schafen. Do sinn déi éischt Konklusioune vun deem Groupe de travail scho gefall, wat d'Rentabiliséiere vum Rendement vun de Reserven ubelaangt. De Premier huet beim Etat de la Nation den Dépôt gemaach vun deem Projet de loi, an deen, Här Krecké, kënnt selbstverständlech an d'Kommissiounen an da ka jiddereen iwwert déi Propositiounen, déi mir maachen, mat diskutéieren.

An deem Zesummenhang wäerte mer och geschwë fäerdeg si mat deem Avant-projet de règlement iwwert d'Exécutioun an iwwert d'Constitutioun vum Cahier des charges fir d'Gestionnairë vun deene Suen.

Et ass och décidéiert ginn, dass esoubal wéi mir mat deenen Aarbechte fäerdeg sinn dee Groupe de travail géif d'Aarbechten entaméiere fir d'Sources alternatives de financement.

Den zweete Groupe de travail iwwert d'Individualisatioun vun de Rechter besteet och aus de Partenaires sociaux. Zousätzlech hu mer awer e Représentant vun der Promotion féminine mat bäigeholl, esou wéi vum Conseil national des femmes. Déi sinn zu éischte Konklusioune komm, wou se, wat d'Dammen ubelaangt, proposéieren, dass mer net sollten ze vill un d'Structures actuelles vun dëse Pensioune réckele goen. Se hunn och schonn eng Solutioun examinéiert, déi ee kéint am spezifesche Fall vum Divorce proposéieren. Fir de Rescht huet de Groupe de travail de CEPS/INSTEAD chargéiert fir d'une manière générale d'Situatioun vun de Fraen am Kader vun der Assurance-pension ze analyséieren. Déi Etüd misst relativ geschwënn ofgeschloss sinn.

Deen drëtte Punkt, deen den honorablen Här Krecké ugeschwat huet, ass dee vun der Carrière dynamique. Zesumme mat de Partenaires sociaux ware mer der Meenung, dass ee fir d'éischt déi éischt zwee Punkten ofschléisse sollt ier ee mat der Carrière dynamique géing ufänken. Dat géing eis dee Moment erlabe fir méi Donnéeën iwwert d'Pensions complémentaires ze hunn, well och d'Pensions complémentaires indispensabel si fir an där Matière weiderzekommen.

Wéi gesot, et ass net geschlof ginn. Dir hutt héieren, dass elo scho ganz vill vun deene Fuerderunge realiséiert sinn. Selbstverständlech gëtt iwwert de Wee vun de Chamberskommissioune all Partei mat deene Propositioune befaasst. Ech menge méi demokratesch geet et net. Merci.

**M. le Président**.- Mir kommen elo zur Fro 308 vum Här Gusty Graas un den Här Innenminister iwwert d'Wasserleitung vum SEBES. D'Wuert huet den Här Gusty Graas.

**- Question N° 308 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Gusty Graas au sujet de l'interruption de l'alimentation en eau potable du réservoir principal à Eschdorf à partir de la station de traitement à Esch-sur-Sûre, adressée au Ministre de l'Intérieur**

**M. Gusty Graas** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de leschte Freideg war et zu engem Broch vun der SEBES-Leitung tëschent Esch-Sauer an Eschduerf komm. Doduerch war et jo och zu Enkpäss an der Drénkwaasserversuergung komm. Zwar konnt déi Pann relativ séier behuewe ginn, et sollt een och deene Verantwortleche vum SEBES dofir hei félicitéieren, ech wollt awer an deem ganze Kontext do e puer Froen un den Innenminister stellen.

1. Huet et sech hei effektiv ëm en aussergewéinlechen Accident gehandelt oder besteet d'Gefor, datt sech esou eng Pann nach eng Kéier widderhuele kënnt?

2. Op wéi eng Manéier gëtt de Réseau vun de Leitunge vun der SEBES ëmmer kontrolléiert?

3. Am Fall vun enger Pann, déi sech géing iwwert eng länger Zäit hinzéien, géingen do déi Solutions de rechange et awer erlaben d'Land weiderhi mat Drénkwaasser ze beliwweren?

4. Ass effektiv virgesinn, fir elo eng zweet Leitung tëschent dem Barrage vun Esch-Sauer an dem Réservoir de distribution vun Eschduerf ze aménagéieren?

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Innenminister Michel Wolter.

**M. Michel Wolter,** *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op d'Froe vum honorablen Deputéierte Graas géif ech Folgendes wëllen äntwerten:

1. Et ass esou, dass am Prinzip déi Leitung, ëm déi et sech de leschte Freideg gehandelt huet, dem Produzent no 70 Joer laang hale misst, esou dass mer dovun ausginn, dass et sech effektiv ëm en exceptionnelle Virgank handelt.

2. Den Informatiounen no, déi ech vun deene Responsable vum SEBES krut, ass et esou, dass hire Réseau regelméisseg iwwerwaacht gëtt. Wat dës Leitung ubelaangt war déi lescht Inspektioun Enn 2002 an et goufen deemools keng Anormalitéite festgestallt.

3. Ass ënner mengem Virgänger, dem jëtzege Chamberspresident, e System opgebaut ginn, fir wann e Problem bei de Leitunge wier, eng Solution de rechange virzegesinn. Déi bréngt 43.000 m³ pro Dag am Fall wou de SEBES ausfält. Et gëtt mer hei gesot, dass an deene leschte fënnef Joer an der Moyenne beim SEBES 38.580 m³ gebraucht si ginn, esou dass am Regelfall also d'Solution de rechange zu 100% kann d'Waasser liwweren am Land, ausser an de Summermeint, wou mer bekanntlecherweis jo méi Consommatioun hunn. Do wär et esou, dass wann déi Pann méi laang géif undaueren een d'Leit misst bieden, esou wéi dat jo d'ailleurs och geschitt ass de leschte Freideg, an der Consommatioun erof ze goen.

Mir hunn an deene leschte Joren, zesumme mat de Responsable vum SEBES, e ganz ambitiéise Programm opgestallt, fir ze kucken d'Leitungen iwwerall do, wou et geet, am Land ze doubléieren. Ech erënneren un d'Ringleitung ronderëm d'Stad Lëtzebuerg, déi doubléiert ginn ass. Ech erënneren un de Projet de loi, dee mer déposéiert hu fir vu Miersch op Jonglënster en Doublement ze maache fir sécher ze stellen, dass mer d'Stad Lëtzebuerg, de Süden an och den Oste vum Land doubléiert hätten.

Wann déi Leitung do gebaut ass, wou de Projet de loi an der Chamber virläit, dann hu mer nëmmen nach zwee Deeler, déi net doubléiert wieren. Dat ass vun der Station de traitement bis erop op Eschduerf a vun Nouspelt bis op de Reebierg. De Reebierg ass bei eis am Süden am Eck. Et gëtt mer allerdéngs vun de Responsable gesot, dass Compte tenu vun deem ganz groussen Investitiounspak, deen duerch déi Leitung vu Miersch bis op Jonglënster elo an deenen nächste Joren op de SEBES duerkënnt, à ce stade net dru geduecht ginn ass fir en Doublement vun der Station de traitement bis op de Réservoir vun Eschduerf ze maachen. Mä näischt verhënnert, dass an engem zukünftegen Investitiounsprogramm och déi Leitung do doubléiert géif ginn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Mir kommen dann zur Fro 309 vun der Madame Renée Wagener un de Justizminister iwwert d'Asylbewerbung. D'Wuert huet d'Madame Renée Wagener.

**- Question N° 309 du 16 juin 2003 de Madame la Députée Renée Wagener au sujet des retours des demandeurs d'asile déboutés, adressée au Ministre de la Justice**

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Mir konnten an der Press liesen, dass den Här Justizminister den 3. Juni eng Pressekonferenz hat, wou et ënner anerem zum Thema vun den déboutéierten Demandeurs d'asile gaangen ass no senger Rees an Ex-Jugoslawien, an dass doropshin den 12. Juni eng Entrevue mat de Flüchtlingsorganisatioune stattfonnt huet.

Ech wollt dofir vum Här Minister wësse wéi eng Moyenen d'Regierung wëllt asetze fir déi Concernéiert ze informéieren iwwert déi Mesuren, déi geholl ginn, fir si zréckzeschécken, an awer och iwwert déi Zommen, déi si ausbezuelt kréien am Fall wou et sech ëm en Départ assisté handelt.

Ech wollt och wësse wéi d'Regierung d'Direktioune vun de Lycéeë wëllt informéieren, vu datt jo an dësem Moment d'Organisatioun vun der Rentrée scolaire amgaangen ass an no Meenung vun de Flüchtlingsorganisatioune wär et zum Beispill vum pedagogeschen a vum psychologesche Point de vue ganz wichteg, dass do e regelrechten Äddi mat deene Kanner oder Jugendleche géif stattfannen. Dat wär wichteg, esouwuel fir déi Concernéiert selwer wéi och fir hir Schoulkomerodinnen a -komerode wéi och natierlech fir d'Schoulpersonal.

An déi lescht Fro: Wéi eng Moyenen a wéi eng Délaie gesäit d'Regierung vir fir déi Concernéiert a fir d'Schoulen ze informéieren?

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice.*- Här President, dat wat ech op der Pressekonferenz gesot hat, op deem klenge Point de presse no der Rees a Serbien a Montenegro, ass genau dat nämlecht wéi dat wat de Statsminister an ech e puer Vertrieder vun de Flüchtlingsorganisatioune gesot hunn, déi eis d'lescht Woch besicht hunn.

Fir am Résumé op déi Froen ze äntwerten, esou hu mer gesot, datt deen éischten an deen normale Wee wär, datt déi Leit sech géinge selwer drëm beméie fir e Laissez-passer bei der Ambassade Serbien-Montenegro zu Bréissel ze kréien, well dat ganz sécher deen einfachste Wee ass fir zu deem Datum, dee si décidéieren, dat heescht och esoubal d'Schoul aus ass, fräiwëlleg zréck an hir Heemecht ze goen.

Wann een eng Geriichtsprozedur mécht, wann een e Recours mécht duerch eng staatlech Autoritéit, da muss ee sech och un d'Regele vun där Prozedur halen a vu datt déi meescht Leit déboutéiert sinn, wëssen se, an dat huet d'Regierung oft gesot, dass se och missten um Enn vun där Prozedur heemgoen. Dofir ass den Appel och un déi Organisatioune gaangen deene Leit ze soen si solle sech selwer ëm hir Pabeiere bekëmmeren, déi si ouni Problemer zu Bréissel kréien an da sollen se am Summer heemgoen.

Zweetens fir déi, déi dat net maachen, gëllt fir d'Regierung, datt mir déi Pabeiere versichen ze beschafen, wat natierlech ëmmer eng gewëssen Zäit dauert, well et sech ëm vill Leit handelt. Mir machen dann déi sou genannte Retours assistés, dat heescht mir ruffen déi Leit, esoubal mer d'Pabeiere vun den Autoritéite vu Serbien-Montenegro hunn a si kréien da gesot, datt deen an deen Dag den Départ virgesinn ass. Dat maache mer awer nëmme bei deenen éischte puer Gruppen. Wa mer da feststellen, datt déi Leit op deem geplangtenen Datum net do sinn, dat heescht, datt se sech dem Retour wëllen entzéien, entweder zum Deel oder déi ganz Famill net fannen, da gesäit d'Regierung leider keen anere Wee wéi mam Retour forcé déi Leit heemzeféieren. Duerfir probéiere mer dat.

Mir sinn och bereet, datt bei der éischter Entrevue mat engem klenge Grupp vun Demandeurs d'asile déboutés Observateuren dobäi sinn, fir datt ee gesäit, datt mer déi Leit convoquéieren. Wéi gesot, nach eng Kéier, stelle mer fest, dass se deen Dag vum Départ, dee mer organiséieren, net do sinn, da kënnt et zu Retours forcés.

Wat d'Enveloppe financière ubelaangt, esou schwätzen ech ënnert der Kontroll vun der Familljeministerin, mä déi bleift beim Retour assisté déi, déi mer bis elo haten, dat heescht 1.200 Euro fir en Erwuessenen a 600 Euro fir e Kand.

Mir hu selbstverständlech kee Problem, datt deen Dag, wou elo déi éischt puer geruff ginn, mer och eng Kopie vun där Invitatioun un d'Schoul schécken. Wéi gesot, dat zitt sech awer iwwer eng länger Zäit. Dofir nach eng Kéier den Appel. Et wär vill besser, wann och d'Enseignanten an déi, déi sech mat guddem Grond ëm déi Leit bekëmmeren, hinne géingen un d'Häerz leeë selwer ze versichen am Summer de Retour unzetrieden, well se dann och kënnen, grad wéi all déi aner Kanner, wou de 15. Juli d'Schoul ophält, sech op en neit Schouljoer am Hierscht virbereeden. Mir hu kee Problem fir d'Schoul och bei deene Retours volontaires oder assistés ze informéieren a mir hoffen, datt mer e Minimum vu Retours forcés musse maachen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- D'Fro 310 kënnt vum Här Marco Schank un den Ëmweltminister iwwert den Treibhauseffekt. D'Wuert huet den Här Marco Schank.

**- Question N° 310 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Marco Schank au sujet de la stratégie gouvernementale en matière de réduction des émissions à effet de serre, adressée au Ministre de l'Environnement**

**M. Marco Schank** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 5. Mee 2003 huet den Ëmweltministère an der Handwierkerkummer en Informatiounsseminär organiséiert gehat iwwert d'Strategie fir d'Emissioune vun Zäregasen zu Lëtzebuerg ze reduzéieren an notamment gouf op där Plaz och, an dofir war dee Seminär och esou wichteg, iwwert d'EU-Direktiv debattéiert, déi den Handel vun Emissiounsquote festleeë soll, wat e ganz wichtege Virgank ass fir zukünfteg ënner anerem eis Industriebetriber zu Lëtzebuerg.

D'Direktiv gesäit vir, datt bis Enn dës Joers administrativ a juristesch Strukturen an all Memberstat vun der EU etabléiert ginn, déi eben den nationalen Allocatiounsplang fir Emissiounsberechtegunge soll festleeën.

An deem Kontext hunn ech déi eng an déi aner Fro un den Ëmweltminister.

Läit d'Responsabilitéit fir d'Ëmsetzung vun där Direktiv zu Lëtzebuerg beim Ëmweltministère?

Ass den Ëmweltministère amgaang e Konzept auszeschaffe fir eben d'Allocatioun vun den Emissiounen a gëtt an deem Kontext och e Projet fir e Gesetz oder e Reglement ausgeschafft?

Bréngt Lëtzebuerg et fäerdeg mat den eegene Moyenen déi éiergäizeg Objektiver am Kontext Kyoto mat Reduktiounsmoossnamen ze erreechen, déi also selwer zu Lëtzebuerg stattfannen?

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Den Här Ëmweltminister Charles Goerens huet d'Wuert.

**M. Charles Goerens,** *Ministre de l'Environnement*.- Merci, Här President. Ech wëll kuerz Stellung huelen zu deene vum Här Schank opgeworfene Froen. Mir hu viru kuerzem am Conseil vun den Ëmweltministeren zu Bréissel eng Direktiv approuvéiert iwwert déi den 3. Juli am Europaparlament ofgestëmmt gëtt. Déi Direktiv gesäit vir, datt en innereuropäeschen Handel kann organiséiert gi vun Emissiounsrechter. Am Artikel 9 vun därselwechter Direktiv steet implizit och d'Méiglechkeet dra fir aner Allocatiounen ze maachen, net nëmmen un déi 12 Betriber, déi hei am Land direkt concernéiert si vun der Direktiv.

Déi Direktiv huet et also a sech a si wäert eng gewëssen Dynamik an der Allocatioun vun den Emissiounsrechter mat sech bréngen, mir maachen eis do keng Illusiounen an déi, déi de 5. Mee op deem Colloque waren, déi vum Froestteller hei ugeschnidde ginn ass, hunn och no där Sitzung sech keng Illusioune méi gemaach, datt dat do wäert esou goen.

Zu der éischter Fro, wien d'Autorité responsable ass fir deen Allocatiounsplang do ze maachen, wollt ech soen, dass dat ganz kloer de Minister fir d'Ëmwelt ass, an dat opgrond vun de Kompetenzen, déi am Arrêté grand-ducal fixant les compétences ministérielles, dra stinn. Et ass awer och kloer, datt déi Entscheedungen, déi an deem dote Kader bei der Transpositioun vun der Direktiv geholl ginn, d'Intérêten an och d'Kompetenz vun aneren Departementer tangéieren. Ech denken do net esou séier un de Kultus- oder un de Sportsministère, mä haaptsächlech un de Finanzministère, den Ekonomiesministère an och de Ministère du Travail, well d'Komponenten oder den Impakt vun där Direktiv souwuel eng wirtschaftlech wéi eng sozial, wéi och eng environnemental ass.

Zweetens wat d'Donnéeën ubelaangt, déi den Här Schank gefrot huet, do wëll ech just festhalen, datt déi Donnéeën der Chamber zur Verfügung stinn am Rapport annuel vum Ministère de l'Environnement. Déi Donnéeë gi festgehalen opgrond vun zwou Methodologien. Déi eng heescht CORINAIR an déi aner IPCC, Intergovernmental Panel on Climate Change, déi fannt Der also am Rapport d'activité. Dat sinn déi Donnéeën, déi mer och all Joer kréie vun deenen zwee Organismen, déi fir d'Erfaassung vun de reellen Emissiounen an de Länner zoustänneg sinn.

Wat elo d'Konzept vun der Allocatioun ubelaangt, do wëll ech op dat hiweisen, wat ech schonn des Öfteren hei an der Chamber gesot hunn. Bei där Dose Betriber, déi elo ënnert de Champ d'application vun där Direktiv iwwert den innereuropäeschen Emissiounshandel falen, implizéiert déi Allocatioun natierlech, datt dat, wat mer vun deenen 8,9 Milliounen Tonnen, déi mer als Lëtzebuerger émettéieren däerfen, ewechhuelen, herno feelt fir déi aner Secteuren, esou datt mer, wa mer wëllen eng balancéiert Verdeelung erreechen, mat deenen anere schwätzen musse. Duerfir ass et eis wichteg genuch fir d'Tripartite mat där doter Fro ze befaassen. Ech géing och wëllen dem Premierminister virschloe fir dat den Hierscht ze maachen, fir dass mer bis um Enn vum Joer awer dee Meinungsbildungsprozess an deen Echange de vues, deen deem virausgoe muss, ofgeschloss hunn.

Wat elo d'legislativ an d'reglementaresch Aarbecht ubelaangt op déi den Här Schank hei hiweist, do muss ech soe mir mussen emol fir d'éischt waarde bis d'Direktiv definitiv a Kraaft ass. Déi Direktiv ass also eng Wett op d'Zukunft, an zwar eng duebel Wett op d'Zukunft.

Engersäits muss se vum Europaparlament approuvéiert ginn – wat och deemnächst geschéie wäert - ech hoffen och, datt mer da relativ kloer gesinn, wat d'Weiderliewe vun der Direktiv ubelaangt, anersäits wa mer dann iwwert deen nationalen Allocatiounsplang hei befonnt hunn, an dat ass eng Aarbecht, déi muss menger Virstellung no am hallwen November ongeféier ofgeschloss sinn, sollt se en Impakt kréien ënnert anerem op d'Gestaltung vum Budget, dann ass dat wierklech de leschten Délai op dee mer kéinte spekuléiere fir dat do hinzekréien. Et ass awer och menger Meenung no deen éischten Délai, dee méiglech ass, well wéi gesot, ganz vill Consultatiounen ënnert anerem am Kader vun der Concertation sociale musse stattfannen.

Wat déi lescht Fro ubelaangt, ob mer am Stand sinn den Objectif de réduction ze erfëllen. De Moment ass dat net de Fall, well mer 22% Reduktiounen erreechen. Säit 1998 si mer an enger Phas, wou et méi schwéier ass fir dat do ze kontrolléieren. Ech wëll och do op e puer Saachen hiweisen.

Éischtens hu mir mam A-Kraaft-Triede vun deem neie Gas-Turbine-Vapeur-Wierk Twinerg ronn 900.000 bis 1 Millioun Tonne weider. Dat sinn 10% vun der Gesamtquot, déi mer als Lëtzebuerger zegutt hunn. Dat ass net näischt. Dat beweist och, datt wann ee Betrib hei zu Lëtzebuerg dobäikënnt, datt dann de ganze Plang vun deem mer zéng Joer geschwat hunn op d'Kopp gehäit gëtt. Dat ass déi alltäglech Situatioun vun där mer hei schwätzen. Ech fannen et awer richteg, datt mer net op den Atomstroum ëmklammen, mä datt mer versiche mat enger méi frëndlecher Energiequell Stroum ze maachen.

Dat zweet wat an deem Zesummenhang ze soen ass, an do bleiwen ech dobäi, mir musse kucken, datt mer mat eegene Mëttelen hei zu Lëtzebuerg esou wäit wéi méiglech d'Zil erreechen. Déi sou genannt domestic efforts hu Prioritéit: déi éischt, déi zweet an déi drëtt Prioritéit.

Sollt et sech dann awer erweisen, datt et nach net opgeet, da verweisen ech op déi Moyenen hin, déi mer am Kyoto-Protokoll hunn. Ech hu gesot, et wär eng duebel Wett op d'Zukunft. Déi éischt ass déi, datt déi Direktiv esou séier wéi méiglech a Kraaft trëtt an déi zweet, de Kyoto-Protokoll u sech ass och nach net en vigueur, well d'Ratifikatiounsprozedur nach net déi Mass vu Länner, Affekoten ervirbruecht huet, déi ee brauch fir kënnen de Vertrag a Kraaft ze setzen. Mä wéi gesot, déi Wett op d'Zukunft kënne mer nëmme gewannen, wa mer d'Prioritéiten esou gesi wéi ech elo gesot hunn a wa mer dann d'Potenzialer erfaassen, d'Spuerpotenzialer, och d'Innovatiounspotenzialer selbstverständlech an dann op der Zäitachs kënne festleeë wéi et geet.

Zum Schluss, Här President, nach just de Rappel wat den Timing ubelaangt. Den 1. Januar 2005 fänkt déi éischt Période d'engagement un. Déi hält op den 31. Dezember 2007, dat ass eng Période d'engagement, wou nach keng Strofen ufalen, mä wou awer jiddfereen, deen ënnert déi Direktiv fält - an dorobber huet den Här Schank och higewisen - nëmmen dann däerf méi émettéieren, wann hien eng Autorisation d'émission huet. Also musse mer bis dohinner d'Saach stoen hunn. Et ass allerdéngs eng Testphas, wou mer dann och gesi wéi déi eenzel Mechanismen, déi mer bis dohinner ausgeschafft hunn, sech kënnen applizéieren.

En enorm wichtegen Dossier an et wäert och dee sinn, nieft dem Naturschutzgesetz, deen dëst Joer d'Aarbechte vum Ëmweltministère fir de Rescht vum Joer bestëmme wäert.

**M. le Président**.- Mir kommen zur Fro 311. Si kënnt vum Här Alex Bodry un den Innenminister iwwert de Sommet de la Grande Région. D'Wuert huet den Här Alex Bodry.

**- Question N° 311 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Alex Bodry au sujet du prochain sommet de la Grande Région, adressée au Ministre de l'Intérieur**

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen et ass erëm gläich esou wäit. Enn Juni, wann ech mech net ieren, den 28. Juni treffen sech erëm d'Exekutiven hei vun deene Regiounen a Länner, déi sech an der sou genannter Groussregioun zesummegeschloss hunn.

Et muss een allerdéngs soen, dass am Virfeld dozou eigentlech wéineg duerchgesickert ass, wat elo d'Schwéierpunkte vun den Aarbechte vun deem sou genannte Sommet si wäerten. Dofir wëll ech vun der Regierung emol wëssen, wat déi Dossiere sinn, déi prett sinn, fir dass se kënnen op deem Sommet do behandelt ginn. En ass elo iwwert e Joer jo preparéiert ginn. Wat sinn also d'Schwéierpunkte vun den Aarbechte vun deem Treffe vun der Groussregioun? Wat sinn déi Froen, déi d'Lëtzebuerger Regierung wëllt an déi Debatten do erabréngen?

Mir wëssen och, dass zënter engem Joer eng Kommissioun ënnert dem Virsëtz vum Jacques Santer amgaangen ass sech Gedanken ze maachen iwwert d'Identitéit vun der Groussregioun an iwwert d'Strukture vun der Groussregioun. Och do muss ech soe weess een als Parlamentarier praktesch näischt wat do leeft. D'Lëtzebuerger Regierung ass jo eng vun deenen, déi kee Parlamentarier mat an déi Kommissioun bestëmmt huet, esou dass mer eigentlech do och frou wären ze wëssen awéiwäit d'Regierung mengt, dass déi Aarbechten ofgeschloss sinn. Awéiwäit kënnen déi Virschléi vun der Kommissioun Santer do diskutéiert ginn? A wat fir eng Richtung ginn déi Virschléi vun der Kommissioun Santer?

Dat wär wichteg, wa mer dat och kënnte gewuer ginn als Chamber. Schliesslech ass et esou, dass ënner anerem och scho länger Zäit driwwer diskutéiert gouf op Initiativ vum Saarland haaptsächlech hin, mä et ass awer eng Décisioun, mengen ech, vum leschte Sommet gewiescht, fir der Saar-Lor-Lux-Regioun en aneren Numm ze ginn. Do zirkuléieren eng Rei vun Nimm, Phantasienimm, ënner anerem och den Numm Maas-Mosel-Saar.

Ech muss ganz éierlech soen, d'Gefor besteet, dass wann een en neien Numm gëtt, dass et dann éischter méi schlëmm gëtt wéi et haut ass. Mag sinn, dass a Saar-Lor-Lux deen een oder aneren neie Partner sech net erëmfënnt, mä de Risiko ass grouss, dass mat engem neien Numm kee Mënsch sech méi erëmfënnt a kee sech méi ka mat deem Ganzen identifizéieren. Dofir wollt ech och vun der Regierung wësse wéi si sech zu där Fro stellt vum Opgi vun deem alen Numm an dem Ersetzen duerch en aneren Numm.

Virun allem stellt sech och d'Fro: Wéi gesäit d'Regierung et, dass d'Parlament an notamment d'Lëtzebuerger Parlament méi staark kann implizéiert ginn an dee ganze Prozess? Ech muss éierlech soen, ech si Member vun dësem Parlament, ech si Member vum interregionale Parlamentariergrupp, mä bis elo sinn déi ganz Aarbechten am Virfeld vun deem Sommet eigentlech laanscht eis gelaf. Da wollt ech och wësse wéi an deenen neie Strukturen sech virgestallt gëtt wéi een dat kéint verbessere par rapport zu haut. Merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Innenminister Michel Wolter.

**M. Michel Wolter,** *Ministre de l'Intérieur*.- Ech géif da probéieren op déi véier Froe vum Här Bodry ze äntwerten. Den Haaptsujet vum 7. Sommet ass dee vun der Bildung a vun der Forschung. Do derniewent geet et ëm Froe vun der Budgétisatioun vun den Aktivitéiten, vun de Relatioune mam CPI an zwee aner Sujeten, déi den Här Bodry och nach évoquéiert huet, an zwar iwwert de Rapport vun der Kommissioun Santer an och déi zukünfteg Dénominatioun vun der Groussregioun.

De Sommet hëlt Kenntnis vum Rapport Santer, deen dann duerno soll diskutéiert ginn. Et muss ee wëssen, dass d'Kommissioun Santer an totaler Onofhängegkeet geschafft huet, also sech net réckgekoppelt huet mam Sommet, an e Rapport de réflexion ofgeliwwert huet. D'Transpositioun vun deem, wat also zréckbehale gëtt um Sommet, wäert dann ënner lothringescher Presidenz an deenen nächsten zwee Joer stattfannen.

Wat elo déi wichteg Fro vum zukünftege Numm vun der Groussregioun ubelaangt, esou ass offiziell keng Propositioun à ce stade dévoiléiert ginn. Dat gëtt eréischt um Sommet selwer gemaach. Allerdéngs kann een ausschléissen, dass den Numm Maas-Mosel-Saar, deen emol an der Diskussioun war, zréckbehale gëtt. Deen Numm ass weder am Public nach par ailleurs gutt ugeholl ginn. Op jidde Fall ass gemengt ginn, dass deen Numm keng Verbesserung wier par rapport zu deem Numm, deen d'Groussregioun haut huet.

De Sommet ass eng Institutioun vun den Exekutiver zu deem de President vum CPI regelméisseg conviéiert ass. Et ass am Prinzip um President fir de Parlamentarier d'Réckkoppelung ze maache vun deem wat do diskutéiert gëtt. Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- D'Fro 312 kënnt vun der Madame Maggy Nagel un den Innenminister iwwert de Syndikat SIGRE. D'Wuert huet d'Madame Maggy Nagel.

**- Question N° 312 du 17 juin 2003 de Madame la Députée Maggy Nagel au sujet du financement des installations du Syndicat intercommunal pour la collecte, l'évacuation et l'élimination des ordures ménagères et industrielles (SIGRE) en provenance des communes de la région de Grevenmacher, Remich et Echternach, adressée au Ministre de l'Intérieur**

**Mme Maggy Nagel** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Dezember 1998 kruten d'Membergemenge vun dem interkommunalen Offallsyndikat SIGRE aus de Regioune Gréiwemaacher, Réimech an Iechternach modifizéiert Statute geschéckt an hu se no Analys Uganks 1999 an hir Conseile matgeholl. De Refus vun zwou Gemengen ass hinnen dunn de Februar an de Mäerz vun dem Distriktskommissariat matgedeelt ginn. Duerno ass näischt méi erfollegt.

Vu datt déi finanziell Participatioun vum Stat u verschiddenen Deeler vun den Installatiounen um Site am Muertendall un der Approbatioun vun de Statuten hänkt wollt ech den Här Minister froen:

- Ob d'Statuten nach net genehmegt sinn am Intérieur, a wa se nach net genehmegt sinn, wourunner et läit?

- Wat fir eng Démarchë musse gemaach ginn a vu wiem? Ass et de SIGRE, dee muss d'Démarchë maachen oder ass et vu Säite vum Intérieur, wou dat muss gemaach ginn?

An do wëll ech eng Klamer opmaachen. No deem neie Syndikatsgesetz wär et gutt, wann all d'Syndikater vum Ministère en ausgeschafftene Modèle type kréische vu Statuten. Dat géing villes vereinfachen a vill Korrespondenz tëschent Ministère a Syndikater erspueren.

Déi zweet Fro wär: A wat fir engem Délai kann de SIGRE op d'Participatioun vum Stat rechnen?

Merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Innenminister Michel Wolter.

**M. Michel Wolter,** *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi d'Madame Nagel richtegerweis gesot huet läit et net um Innenministère oder un der Regierung, dass et gescheitert ass, dass d'Statute vum Syndikat SIGRE am Joer 1998/1999 adaptéiert gi wären, mä un e puer Membergemenge vun deem Syndikat selwer, déi net bereet waren d'Modifikatioune vun de Statuten deemools unzehuelen.

Entre-temps hu mer dat neit Syndikatsgesetz gestëmmt, wat souwéisou eng Adaptatioun vun de Statute vum SIGRE virgesäit. Et ass esou, dass et um SIGRE ass fir eng Propositioun ze maachen. Et ass en éischte Kontakt mat menge Servicer gewiescht Enn vum Joer 2002. Den Innenministère waart also drop, dass hien eng modifizéiert Propositioun vum Syndikat kritt, ass awer selbstverständlech wéi an der Vergaangenheet bereet seng Kompetenz a säi Wësse mat zur Verfügung ze stellen, wann et drëm geet de Feinschlëff vun de Statuten ze maachen.

Ob mir, wéi et vun der honorabler Deputéierte proposéiert ginn ass, et fäerdeg bréngen e Modèle type fir all Zort vu Syndikat hei zu Lëtzebuerg hierzestellen, woen ech ze bezweifelen, well mer feststellen, dass bei der Ausschaffung vun de Statute vun de Syndikater et kaum zwee Syndikater gëtt, déi exakt no deeneselwechte Modalitéite funktionéieren. Do si ganz oft ganz aner Considérationen, déi och vu Gemengesäit mat erabruecht ginn, esou dass mir am Fong léiwer de Wee hätte wéi mir en an der Vergaangenheet haten, nämlech dee vun der Concertatioun tëscht dem Büro vum Syndikat an dem Intérieur fir ze kucke virunzekommen. Concertatioun kann een awer allerdéngs eréischt maachen, wann d'Gemenge sech emol ënnerenee selwer eens sinn, wat se an d'Statute setze wëlle, fir dass et dann och dat ass, wat herno den Instanzewee soll duerchschreiten.

Et ass nun emol esou, dass d'Participatioune vum Stat gekoppelt sinn un déi nei Statuten. D'Sue stinn zur Verfügung, si budgetiséiert a kënnen ausbezuelt ginn, esoubal mer d'Modifikatioune vum Statut vum SIGRE hunn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Mir kommen zur Fro 313 vum Här Jean Huss un de Gesondheetsminister iwwer e Konflikt am Spidolswiesen. D'Wuert huet den Här Jean Huss.

**- Question N° 313 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Jean Huss au sujet du conflit social entre l'Entente des Hôpitaux Luxembourgeois et les syndicats du secteur santé, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir méi Qualitéit an eise Spideeler ze assuréiere geet et net duer nei Gebaier ze bauen oder Gebaier ze renovéieren an nei Servicer do unzebidden. Och de Recrutement vu genügend qualifizéiertem Personal a virun allem d'Motivatioun vum Fleegepersonal, dat heescht vum Infirmierspersonal, ass fir eng gutt Qualitéit an e gutt Funktionéiere vun de Servicer an eisen Aen absolut onverzichtbar.

Et ass virun dësem Hannergrond, wou ee muss bedaueren, datt et elo zu engem grousse Sozialkonflikt am Spidolssecteur riskéiert ze kommen, well d'Entente des Hôpitaux, d'Regierungsvertriedungen an d'Conseils d'administration vu Spideeler virun e puer Wochen op eng Kéier net méi d'accord waren ee mat de Gewerkschafte vum Secteur fäerdeg ausgehandelten neie Kollektivvertrag ze ënnerschreiwen, e Kollektivvertrag an deem fir eng Kéier emol net direkt d'Lounfuerderungen am Mëttelpunkt stongen, mä méi qualitativ Fuerderungen a Saache Fraeförderung a Rechter op Deelzäitrent no 50 Joer.

Vum Minister a vun der Regierung wëll ech an dësem Kontext gäre wëssen:

- Entsprécht d'Verhale vum Regierungsmandataire bei den Ofstëmmungen an de Conseils d'administration wierklech engem iwwerluechten an duerchduechtene Konzept vun der Regierung?

- Firwat stellt sech d'Regierung an deem Kontext géint d'Mesuren, déi virun allem de weibleche Beschäftegten, dat ass de Gros vun de Beschäftegten do, wéi och eelere Beschäftegte méi wäit géifen entgéint kommen, déi no esou vill Jore ganz haarder Aarbecht an e wéineg Burn out net méi ganz capabel si fir no 50 Joer déi ganzen Zäit ze schaffen?

- Wat wëllt d'Regierung maache fir d'Attraktivitéit vum Infirmiersberuff erëm e wéineg méi grouss ze maachen, an dat an enger Zäit wou anscheinend ëmmer manner jonk Leit bereet sinn an den Infirmiersberuff eranzeklammen an an d'Infirmiersschoul konkret Formatioun maachen ze goen?

- Misst de Rôle vun der Regierung an dësem Konflikt aus sozialen, mä och aus motivatiounspolitesche Grënn net éischter dee si fir dem Personal vun eise Spideeler, wat jo wierklech eng haart Aarbecht mécht, méi wäit gehend entgéint ze kommen?

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

**M. Carlo Wagner,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir just e ganz klengt Wuert ze soen zu deene Schwieregkeeten, déi de Moment sinn, well ech wëll mech do net amëschen.

Ech wëll drun erënneren, dass eng Differenz ass tëschent de Syndikater op där enger Säit an der EHL. Et geet hei ëm déi deelweis Fréipensionéierung, dat heescht, dass d'Leit iwwer 50 Joer nëmmen nach just bräichte 50% vun der Zäit ze schaffe mat engem Loun vu 70%. Dat ass de Moment d'Ursaach vun deem Konflikt.

De Minister vun der Santé huet nullement d'Intentioun sech an deen dote Konflikt anzemëschen, esou wéi ech dat an der Vergaangenheet och nach ëmmer gemaach hunn. Et stëmmt, dass dee Vertrieder vum Stat, an deem Fall vu mengem Ministère, deen ofgestëmmt huet, an enger ganz schwéirer Situatioun war. Dat war, wann ech gutt renseignéiert sinn, den zweete Vote. Den éischte Vote ass nämlech à l'unanimité geholl ginn. Do ass gesot ginn déi zwou Parties concernées sollte fir d'éischt emol verhandelen. Et ass zu engem zweete Vote komm, dass wann dat awer net géif opgoen, wat da sollt geschéien.

Do huet de Représentant vum Minister eng Décisioun en son âme et conscience geholl, ouni vum Minister Instruktioune kritt ze hunn. Ech muss soen, dass déi Représentante vum Stat et net ëmmer ganz einfach hunn an emol guer kee Représentant vum Stat muss an där Commission administrative sinn. Net méi spéit wéi am Januar 2001, am Kader vun dem neie Statut vun deem neien Etablissement fusionné, hunn ech déi zwee Presidenten, souwuel d'Presidentin vun Esch wéi och de President vum Diddelenger Spidol ugeschriwwen a gesot, dass de Stat kee Représentant mat Voix délibérative méi an där Commission consultative wëllt. Dat beweist op alle Fall, dass ech mech absolut net wëll an déi Saachen immiscéieren.

Ech muss awer ofschléissend soen, dass et menger Meenung no net ganz gesond ass, wann all déi Décisiounen aus deene Commissions consultatives an de Public gedroe ginn. Ech ka mer virstellen, dass et géif zu Schwieregkeete féieren, wann an Zukunft jiddereen, esou wéi et him gefält, dobaussen erzielt, wat do geschwat a wat décidéiert ginn ass. Dat ass op alle Fall a mengen Aen net gesond.

Nach eng Kéier, de Minister vun der Santé hält guer net drop fir an esou enger Commission consultative ze sinn. Wann et gewënscht ass, dass sollten Observateuren do sinn, da schaffe mir gäre konstruktiv mat, mä wéi gesot, déi Leit, déi ofstëmmen, kommen oft a komesch Situatiounen. Merci.

**M. le Président**.- D'Fro 314 gëtt vum Här Patrick Santer un den Här Gesondheetsminister gestallt a betrëfft d'Fixerstuffen. D'Wuert huet den Här Patrick Santer.

**- Question 314 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Patrick Santer au sujet des problèmes juridiques se posant au niveau de la création d'un lieu d'injection (Fixerstuff), adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**

**M. Patrick Santer** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesondheetsminister mécht keen Heel draus, datt hie wëllt bannent kuerzer Zäit eng sou genannte Fixerstuff um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg usiidlen.

Ech interesséiere mech elo iwwerhaapt net fir déi lokal Problemer, déi esou eng Initiativ an dësem oder deem Quartier kéinte schafen, déi hunn och mam Prinzip vun enger Fixerstuff wéineg ze dinn. Vill méi interesséiert mech wéi de Minister eng Rei juristesch Problemer gesäit, déi sech am Kontext vun der Schafung vun esou enger Struktur stellen: Drogegesetz, bestrooften Handel mat an de Besëtz vun Drogen, déi op esou enger Plaz géife gesprëtzt ginn. Doraus ergëtt sech dann déi cocasse Situatioun, datt e Mënsch an enger Fixerstuff ongestrooft an ënnert gudden hygienesche Bedingungen eppes ka konsuméieren, wat hien iwwerhaapt net däerft hunn, op jidde Fall net ausserhalb enger Fixerstuff.

Wann een Drogenofhängegen 100 m virun enger Fixerstuff enger Policekontroll an d'Gräpp leeft, da gëtt e festgeholl. An der Fixerstuff befënnt e sech par contre esou ze soen en territoire connu et sûr, well mer virgesinn hunn am Drogegesetz, datt op bestëmmte Plazen de Konsum vun haarden Droge gestatt ass. Blouss, wéi kommen déi Drogen op dës Plaz?

Natierlech kontestéieren ech heimat net de Prinzip vun der Fixerstuff an de Prinzip nodeem mer den Drogenofhängegen als e Kranke betruechten, deem gehollef soll ginn, an net als e Kriminellen. Op Plaze wéi enger Fixerstuff kënnen dës Leit betreit ginn, vläicht souguer Weeër aus hirer Sucht fannen. Ech hunn also mat der Fixerstuff u sech kee Problem, mä e juristesche Kader muss awer kloer geschafe ginn. Effektiv dierf den Drogenofhängegen am Fong seng Wuer, also d'Drogen, net selwer bis an d'Fixerstuff transportéieren, an da misst jo wuel op der Plaz selwer de Stat oder d'Gemeng dës Drogen ubidden. Et kéint jo dofir kaum Geld gefrot ginn, well soss géif de Stat oder d'Gemeng selwer zum Dealer ginn.

Wa kee Geld gefrot gëtt, da kéint dës öffentlech Instanz an esou engem Fall nawell selwer strofbar gemaach ginn, esou wäit dat geet, well och d'Distributioun vu verbuedene Substanzen net legal ass, egal ob géint Geld oder fir näischt. Sou oder esou, befanne mer eis am Kontext vun enger Fixerstuff an enger rechtsfräier Zon, déi net einfach ze handhaben ass an déi legislativ nach dringend misst agerummt a koordinéiert ginn éier esou Initiative wéi eng Fixerstuff praktesch ëmgesat ginn oder éier souguer esou Initiativen ugekënnegt ginn.

Meng Fro un de Gesondheetsminister: Wéi gedenkt hien dës Problemer ze léisen?

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

**M. Carlo Wagner,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech fannen et jo doudsympatesch, dass d'Leit esou begeeschtert si fir Froen u mech ze stellen. Dir gesidd also ech hu meng Sue verdéngt, Här Di Bartolomeo. Mä dat doten ass awer och nees eng Fro, déi en fait net de Minister vun der Santé concernéiert, mä de Minister vun der Justiz. Ech sinn awer gäre bereet fir trotzdeem e puer Wuert drop ze äntwerten aus menger Siicht an duerno vläicht dem honorablen Här Santer eng Propositioun ze maache wéi ee kënnt weiderkommen.

Et stëmmt, dass effectivement d'Détentioun vun Drogen verbueden ass. Et stëmmt och, dass mer de Cadre légal duerch d'Gesetz vum 27. Abrëll 2001 geschafen hunn, fir dass an de Fixerstuben däerfen Droge consommiéert ginn, well ganz genau am Text steet, ech mengen et ass den Artikel 6 oder 7, wou den Alinea 1 seet, dass Drogen iwwerall verbuede si mat Ausnahm vun deene Lokaler, déi vum Minister vun der Santé agréiert sinn. Dat ass de Fall vun der Fixerstube. An anere Wierder ass de Cadre légal geschafen.

Mä natierlech mat der Détentioun, wou déi drogéiert Leit mussen dohinner komme mat hiren Drogen, dat ass relativ schwéier. Ech wëll awer soen, dass och an Europa déi Problematik nach net geléist ass. A kengem Land vun Europa ass déi dote Problematik geléist, well dat géif nëmme goen iwwert de Wee vun der Legaliséierung vun den Drogen. Vu dass d'Commission des Stupéfiants virun deem dote Gesetz ganz ausgiebeg iwwert déi dote Problematik diskutéiert huet, géif ech den Här Santer vläicht opfuerderen oder bieden ze kucken, ob hie seng Fraktioun net kënnt beweegt kréie fir d'Legaliséierung. Dee Moment géife mer dann déi Kommissioun nees reaktivéieren.

Merci.

**M. le Président**.- Déi nächst Fro kënnt vum Här Ben Fayot un d'Familljeministesch iwwert eng Enquête vum Eurobarometer iwwert d'Diskriminéierung. D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

**- Question N° 315 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Ben Fayot au sujet des résultats de la récente enquête Eurobaromètre sur les attitudes vis-à-vis de la discrimination, adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse**

**M. Ben Fayot** *(LSAP).*- Här President, dëser Deeg trieden zwou europäesch Direktiven a Kraaft, déi eng iwwert d'Egalité de traitement, wat d'Aarbecht ugeet, an déi aner och iwwert d'Egalité de traitement, wat den Accès zum Logement, zur Formatioun, zur Schoul, zu de Prestations sociales an esou weider ugeet, ouni dass Rassendiskriminéierung oder ethnesch Originë kënnen zu enger Diskriminéierung féieren.

Déi Direktive sollen also wéi gesot am Juli 2003 a Kraaft trieden an et soll och gläichzäiteg mat dem A-Kraaft-Triede vun deenen Direktiven eng Informatiounscampagne an deenen eenzelne Mitgliedsländer gemaach gi fir d'Leit ze sensibiliséieren an op hir Rechter opmierksam ze maachen. Et sollen och national berodend Gruppen aberuff ginn, déi mat der Société civile zesummeschaffen, fir eng Gesellschaft ze entwéckelen an där Diskriminéierungen opgrond vu Rass, vu Relioun, vun Handicap an esou weider sollen ofgebaut ginn, respektiv ofgeschaaft ginn.

Et ass och, wéi den Här President gesot huet, an deem Zesummenhank eng Enquête vum Eurobaromètre gemaach ginn aus där ervirgaangen ass, dass Diskriminatiounen zum Beispill op d'Rass fondéiert relativ importent zu Lëtzebuerg sinn, op jidde Fall ass dat esou ëmfonnt ginn, och opgrond vu reliéiser Diskriminatioun.

Dofir wollt ech d'Regierung froen, éischtens emol, wéi wäit dass se mat der Ëmsetzung vun deenen Direktiven ass. Ech mengen et ass eng, esou wäit ech weess, déi scho virläit, déi awer nach net ëmgesat ass. Och wéi et mat där nationaler Antidiskriminéierungscampagne ass a wat fir aner Mesuren, dass d'Regierung wëllt erfaasse fir eben dat Zil vun der Ofschafung oder der Bekämpfung vun der Diskriminéierung ze erreechen.

**M. le President**.- D'Wuert huet d'Madame Familljeminister Marie-Josée Jacobs.

**Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Här President, den Här Fayot weist op déi Etüd hin, déi gëschter presentéiert ginn ass vun der Kommissioun géint Diskriminatiounen an do ass effektiv virgesinn, dass elo am Juli all d'Lëtzebuerger Acteu-

ren zesummegeruff gi fir eben d'Leit ze informéieren an och ze kucken, wat fir eng Campagne, datt mer kënne maachen, fir géint de Phenomeen vun dem Rassismus an och vun der Diskriminatioun wéinstens emol an deem wat d'Meenung vun de Leit ubelaangt virzegoen.

Déi Etüd, wéi gesot, déi eréischt gëschter presentéiert ginn ass, konnt een natierlech bis elo net am Detail kucken. Do geet fir Lëtzebuerg ervir, dass 20% vun de Leit spieren, datt se géifen diskriminéiert ginn, wou d'Moyenne an Europa ëm 22% läit, wou allerdéngs awer och d'Etüd selwer seet, dass et schwiereg ass fir dat richteg festzestellen, well et eng Appréciatioun vun deenen eenzelne Leit ass, wou et net onbedéngt eppes ass wat een ëmmer beweise kann.

An där Etüd selwer gëtt awer och gesot, dass et selbstverständlech dovun ofhänkt, wéi vill net national Leit, dat heescht hei zu Lëtzebuerg, Net-Lëtzebuerger hei wären. An deene Länner, wou vill Auslänner sinn, ass natierlech och d'Gefill vun der Diskriminatioun méi grouss wéi an deene Länner wou relativ wéineg Auslänner sinn.

Well d'Madame Renée Wagener viru kuerzem och eng Fro gestallt hat iwwert de Bureau des plaintes, wëll ech vläicht nach just ee Wuert dozou soen. Do si bis elo siwe Plainten am Ganzen eragaangen an do hunn der sechs missten zréckgewise ginn, well déi Kommissioun iwwerhaapt keng Befugnisser hat fir doriwwer ze befannen. An deem Sënn, wat d'Direktiven ubelaangt, ass et wichteg, well ebe just déi eng Direktiv virgesäit, dass ee muss Strukture schafen, wou déi an aller Independenz schaffe kënnen an dann och déi néideg Schrëtter ënnerhuele kënnen, fir och deene Plainten, déi do gemaach ginn, kënne Rechnung ze droen.

Dat ass eng vun deenen Direktiven, déi mer hätte misse fir de Juli ëmsetzen, wou mer amgaange sinn drun ze schaffen, mä wou sech awer och erausstellt, dass dat eppes ass wat vill méi schwiereg ëmzesetzen ass an nationaalt Recht, wéi dat sech an der Direktiv esou liest, mä wéi gesot, mir sinn amgaangen un deem Projet ze schaffen.

Déi aner Direktiv ass déi iwwert den Accès zum Aarbechtsmaart. Déi brauch eréischt am Dezember ëmgesat ze ginn an do gëtt och am Travail dru geschafft. Mä do hu mer eng Campagne, déi amgaangen ass an ech denken, dass den honorablen Här Fayot och déi Plakater gesinn huet, déi besonnesch drop opmierksam maachen, dass ee keng Diskriminatiounen op der Aarbecht däerf maachen aus deene verschiddene Grënn, déi och hei opgezielt goufen.

Merci, Här President.

**M. le Président**.- Déi nächst Fro kënnt vum Här Ben Fayot un d'Madame Ausseminister iwwert d'europäesch Verfassung. D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

**- Question N° 316 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Ben Fayot au sujet du projet de Constitution élaboré par la Convention sur l'avenir de l'Europe, adressée au Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur**

**M. Ben Fayot** *(LSAP).*- Här President, den 13. Juni leschte Freideg huet jo den europäesche Konvent seng Aarbechten ofgeschloss, Aarbechten, déi 16 Méint laang gedauert hunn. An dee Konvent huet ofgeschloss mat dem Virleeë vun engem Verfassungstext fir d'Europäesch Unioun. Dee Verfassungstext ass e Kompromëss, dee vu ganz breeden Deeler vum Konvent approuvéiert ginn ass, engersäits vun eminente Regierungsvertrieder: dem Här Fischler, dem Här de Villepin, der Madame Palaccio, anerer vu Lëtzebuerger Säit, och vum Jacques Santer, de perséinleche Vertrieder vum Här Juncker an och vun de Lëtzebuerger Konventsmitglieder. Och den Här Helminger huet sech positiv dozou ausgeschwat. Ech selwer hunn deen Text och begréisst als e positiven Text am Intérêt vun Europa.

Selbstverständlech kann een zu där enger oder där anerer Fro an deem Text Reserven hunn, mä insgesamt ass de Jugement iwwert dee Verfassungstext ganz positiv ausgefall. Ëmsou méi erstaunt war ech wéi ech an engem Bericht vun dem Regierungsrot vun e Freideg virun aacht Deeg gelies hunn, dass d'Regierung offälleg Bemierkungen dozou gemaach huet. Ech hunn och an engem Interview, deen de Premier an enger bekannter däitscher Zeitung ginn huet, ganz ofschätzend Remarken dozou gehéiert.

Meng Fro ass also elo ganz einfach, vu dass mer virun engem Conseil européen stinn, virum Conseil vum 20. Juni, wou deen Text vum President vum Konvent, dem Här Giscard d'Estaing virgestallt gëtt, mat wat fir enger Approche ons Regierung an dee Conseil européen erageet. Steet si zum Verfassungstext als Ganzt? Ech wëll elo net hei op d'Sémantique agoen, ob dat d'Basis ass oder en Text, deen nëmmen en Ufank ass, wéi dat am Conseil gëschter jo diskutéiert ginn ass. Mech interesséiert hei wéi d'Lëtzebuerger Regierung deem Text vis-à-vis steet an der Approche vum Conseil européen vun Thessaloniki?

**M. le Président**.- D'Wuert huet d'Madame Ausseministerin Lydie Polfer.

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, de Konvent war eng Innovatioun an e sollt Europa de Bierger méi no bréngen, méi Transparenz schafen. En huet och villes bewierkt an d'Lëtzebuerger Regierung war frou wéi e Freideg schlussendlech, an et kann ee soen an der leschter Ligne droite, awer e breede Konsens op ville Froen dobäi erauskomm ass. Ech kommen och nach op den Inhalt dovun zréck.

Wat allerdéngs am Virfeld oft a vu ville Säiten, an ech géif bal gäre soe vun alle Säiten, awer och ervirgestrach ginn ass, dat ass, datt et mat der Transparenz am Fong, der Manéier, an der Method awer liicht gehappert huet. Et war net esou kloer, wat dann elo mat deenen dausenden Amendementer, déi do virbruecht gi sinn, géif geschéien a wéi eng géingen zréckbehale ginn a wéi eng net. Ech mengen Ár eegen Amendementer oder déi, déi den Här Helminger bruecht huet, an déi, déi mer zesummen ausgeschafft hunn an ech wëll mech hei ausdrécklech och bedanke fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer all zesummen, d'Vertrieder vun der Chamber, vun der Regierung an och vum Ausseministère an der Begleedung vun deenen Aarbechten hei haten. Ech wëll mech dofir extra bedanken.

Dir selwer hutt der virbruecht, mir hunn der virbruecht, déi net zréckbehale gi sinn, esou datt also an der Manéier, an dem Fonctionnement ee sech scho konnt Froe stellen. Mä wéi gesot, zum Schluss ass awer e breede Konsens dobäi erauskomm an et muss een nüchtern feststellen, datt och eng ganz Rei positiv Saachen do sinn, déi mir wierklech begréissen, wéi zum Beispill d'Personnalité juridique unique, déi elo net méi a Fro gestallt gëtt, wéi zum Beispill d'Intégratioun vun der Charte, wéi eng besser Definitioun vun de Kompetenzen, wéi méi en zolidden Ancrage vum Principe de subsidiarité an och déi verbessert Positioun vun den nationale Parlamenter. Dat sinn alles positiv Evolutiounen.

Wat elo déi Réformes institutionnelles ugeet, déi jo am meeschten ervirgestrach gi sinn an déi am meeschten Diskussiounen ervirbruecht hunn, ech mengen, do soen Iech näischt Neits, datt am Ufank op alle Fall de Benelux déi Iddi vun engem President fir de Conseil européen, deen och nach en plus vu bausse sollt kommen, net ënnerstëtzt huet. Mä et ass nun emol a Réuniounen, wou een awer versicht e Konsens erauszeschloen, esou, datt een ebe muss versiche seng Meenung a verschiddene Saachen mat aneren op een Nenner ze kréien, an dat hei ass ee vun deene Punkten, dee, wéi gesot, am Ufank net eis Ënnerstëtzung fonnt huet.

Dofir hu mir awer op anere Punkten, wierklech op enger ganzer Rei Punkte Recht kritt, wéi zum Beispill besonnesch bei der Kreatioun vum Ministre des Affaires étrangères, net nëmmen um Niveau vun dem Conseil, mä eben och als Vizepresident vun der Kommissioun. Dir wësst, datt dat eng Propositioun vum Benelux war an déi schlussendlech zréckbehale ginn ass.

Datt mer um Niveau vun der Aussepolitik awer net esou wäit komm si wéi mir et alleguer gewollt hunn, an Dir selwer och, oder um Niveau vun der Sozialpolitik, besonnesch wat d'Majorité qualifiée ubelaangt, dat kënne mer bedaueren an dat wäerte mer och versichen an der Regierungskonferenz, déi jo elo kënnt, vläicht nach ze redresséieren. Mä wéi gesot, dat Positiivt soll een awer bei all deem net vergiessen.

Mir hunn och fäerdeg bruecht, datt de Conseil européen net eng Fonction législative kritt. Et ass zwar eng Institutioun ginn, mä en huet awer net wierklech eng Fonction législative kritt an déi Propositiounen, déi finalement fir d'Kommissioun zréckbehale gi sinn, berouen och op deene Propositiounen, déi mir als Benelux gemaach hunn. Dat emol fir déi puer positiv Saachen ervirzesträichen, déi deem entsprieche wat mir proposéiert hunn.

Et ginn awer och där, wou mer net frou sinn driwwer oder wou mer carrément net kënnen domat d'accord sinn an dat ass zum Beispill déi minimal Representatioun am Europaparlament. Mir hunn ons zu Nice wierklech geschloe fir déi sechs Deputéierten ze halen, wat fir eis e Minimum ass fir souwuel déi politesch Sensibilitéiten aus eisem Land kënnen ze representéiere wéi och iergendwéi op eng dezent Aart a Weis d'Aarbechte vum Europaparlament kënnen ze verfollegen a mir wäerten och bei där Haltung bleiwen.

Mir kommen elo an d'Regierungskonferenz an déi 25 Ausseministeren hu sech gëschter drop gëeenegt - an dat wäert och deen Text sinn, deen eben zu Thessaloniki zréckbehale gëtt -, datt dat hei eng gutt Base ass fir den Ufank vun den Négociatiounen an der Regierungskonferenz. Et konnt ee gëschter ganz gutt spieren, datt natierlech d'Propositioune vum Konvent wierklech eng zolidd Basis sinn, mä datt awer munch Punkte vu verschiddene Säiten nach wäerten diskutéiert ginn. An déi sinn och néideg diskutéiert ze ginn, well et muss op ville Plaze preziséiert, einfach verbessert oder méi däitlech gemaach ginn.

Eng Rei Punkte sinn nach net wierklech op deem Punkt, datt ee kënnt soen dat do ass e perfekten oder dat do ass e gudden Text, ofgesinn dovun, datt all Texter jo emol nach iwwerhaapt net virleien, datt déi jo, besonnesch wat den Inhalt vun de Politiken ubelaangt, eréischt Ufanks Juli wäerte virgeluecht ginn.

Mir wäerten also, an deen Engagement huelen ech hei ganz kloer, esou wéi mer dat och bei der Regierungskonferenz, déi zu Nice ofgeschloss ginn ass, gemaach hunn, wéi eben elo bei den Aarbechten zum Konvent, och bei där Regierungskonferenz, déi, wann et da sollt esou goe wéi dat elo ausgesäit, am Oktober/November soll ufänken, genau déiselwecht offen a gutt Kollaboratioun mat dëser Chamber hunn, fir dann ze versichen déi Texter an déi Aarbecht, déi zum Deel ganz gutt gemaach ginn ass, mä awer och do wou nach Verbesserungsvirschléi unzebrénge si wäerte mer déi zesummendroen an dann hoffe mer, datt mer zum Schluss zu engem Text kommen, dee wierklech fir Europa, och fir dat Europa vu muer, nët nëmme vu 25, mä vu 27 a vläicht souguer nach méi, eng Organisatioun an en institutionelle Kader virgesäit, déi wierklech effikass sinn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Mir kommen elo zur leschter Fro fir haut an déi kënnt vum Här Jos Scheuer un de Minister vun der Fonction publique iwwert de Problem vun der Iwwerqualifizéierung bei de Statsexamen.

D'Wuert huet den Här Scheuer.

**- Question N°317 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Jos Scheuer au sujet du problème des surqualifications de nombreux candidats à l'examen-concours pour l'admission au stage dans la fonction publique, adressée au Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative**

**M. Jos Scheuer** *(LSAP).*- Merci, Här President, ech si frou déi Fro endlech kënnen un den Här Statssekretär ze riichten.

Et ass eng Fro, déi sech op déi klassesch Statsexame bezitt. Fir den Exame maachen ze kënne fir zur Carrière vum Expéditionnaire zougelooss ze ginn, muss ee fënnef Joer Postprimaire virweisen. Fir an d'Carrière vum Redakter eranzekomme muss ee siwe Joer Postprimaire virweisen, da gëtt een akzeptéiert zum Examen. Déi Kandidaten, déi zum Examen zougelooss ginn, maachen en Examenconcours an opgrond vun deem Concours gëtt e Klassement opgestallt. Déi Kandidaten, déi sech en rang utile klasséiert hunn, kommen dann eran an déi eenzel Carrièren.

Et ass elo awer esou, datt déi bescht Resultater vun de Kandidate vun deene Kandidate gemaach, déi eng Iwwerqualifikatioun hunn. Iwwerqualifikatioun heescht an dësem Fall, datt se entweder méi wéi fënnef Joer gemaach hu fir deen een Examen, respektiv méi wéi siwe Joer gemaach hu fir dee Redacteursexamen. Ech wollt emol d'Positioun vun der Regierung héieren zu där doter Problematik. Dat ass dat éischt. Et kann een natierlech net verlaangen, datt de Statssekretär elo Zuelen op eng mëndlech Fro hin duerleet.

Déi zweet Fro schéngt mer awer och eng wichteg ze sinn, an dat ass fir mech och d'Ursaach firwat ech se stellen. Fait ass, datt de Stat entspriechend enger Klassementslëscht recrutéiert, mä bestëmmt Etablissementer, déi ech gär als parastaatlech bezeechne géif, recrutéieren och opgrond vun deemselwechte Concours, mä si lehnen et of fir sou genannt iwwerqualifizéiert Leit anzestellen.

Do wollt ech froen: Wat fir eng Etablissementer sinn dat? Wourop fousst dat Recht fir déi Leit net eran ze huelen? Firwat dës Modalitéit, déi op d'mannst oneenheetlech ass? Merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo de Statssekretär vun der Fonction publique, den Här Jos Schaack.

**M. Joseph Schaack,** *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Deputéierte Jos Scheuer huet d'Fro gestallt vun der Iwwerqualifikatioun vun deene Kandidaten, déi sech bewerbe fir e Poste beim Stat ze kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an eise Reglementer vum Recrutement ginn all d'Konditioune festgeluecht, déi d'Kandidaten erfëlle musse fir un engem Examen-concours deelzehuelen. An dëse Konditioune sinn déi schoulesch Ausbildung wéi och d'Diplome festgehalen, déi d'Kandidate virleeë musse fir zu engem Concours zougelooss ze ginn. Et sinn dat minimal Konditiounen, déi fir jidder Carrière an engem separate Règlement grand-ducal stinn un déi sech d'Fonction publique muss halen, wann se e Kandidat wëllt fir de Concours ophuelen.

An dësem Kontext kann ee soen, datt et effektiv eng Rei vu Kandidate ginn - besonnesch an dësem Joer hu mer dat festgestallt -, déi eng schoulesch Ausbildung hunn, déi iwwert dat erausgeet, wat an eise Règlements grand-ducaux verlaangt gëtt oder déi weider Diplomer an Certificaten hu wéi déi, déi noutwendeg si fir an eng bestëmmte Carrière beim Stat eranzekommen.

Mir kënnen dat praktesch an alle Carrièrë feststellen, vun der Carrière vum Cantonnier, fir déi d'Kandidaten de Certificat vum Ofschloss vun der Primärschoul virweise mussen, bis d'Carrière supérieure fir déi sech Kandidaten umellen, déi oft méi wéi dee virgeschriwwenen Universitéitszyklus vu véier Joer hunn. An der leschter Zäit gëtt et der souguer ëmmer méi, déi en Doktorat hunn, a sech fir e Poste beim Stat an der Carrière supérieure bewerben.

De Problem ass eis also bekannt an an deene Joren, wou de Stat natierlech net genuch Kandidaten hat war e selbstverständlech frou, wann en och konnt op déi Kandidaten zréckgräifen, déi eben eng Iwwerqualifikatioun haten.

Den honorablen Deputéierten Här Scheuer hat déi Fro hei jo schonn e bësselche méi laang u mech gestallt an dofir hat ech och méi Zäit fir mech ze dokumentéieren an ech géif awer wierklech och wëllen hei mat Beispiller déngen aus dem leschte Statsconcours dee mer ofgehalen hunn. An deem leschte Concours vun der Redakteschs-Carrière ware vun 334 Kandidaten, déi d'Epreuven ofgeschloss haten, 15 Kandidaten, déi en Universitéitsdiplom haten. Vun deene 15 hunn der siwen de Concours bestanen, dat heescht déi hu sech klasséiert, an aacht sinn der refuséiert ginn.

Dës Zuele weisen also drop hin, dass en fait an der Carrière moyenne de Problem vun der Iwwerqualifikatioun sech an deem Mooss net stellt. Et kann een awer feststellen, datt wat déi schoulesch minimal Konditioune vun de Carrièren erofginn, wat méi Kandidaten iwwerqualifizéiert sinn. Esou sinn an deem leschte Concours vum Expéditionnaire administratif op 168 Kandidaten, déi d'Epreuve ofgeschloss haten, et der 88 ginn, déi méi eng héich Ausbildung hate wéi erfuerdert war. Vun deenen 88 Kandidaten hunn der 29 de Concours gepackt an 59 net. Ech wëll awer dobäifügen, dass nëmme 15 Vacances de poste waren, dat heescht, dass déi dote Posten alleguerte besat gi si vu Leit, déi iwwerqualifizéiert waren.

An alle Carrièren, ausser der Carrière vum Universitaire, ginn d'Kandidaten no dem Klassement vum Examen-concours agestallt an hunn e Recht op eng Plaz. Wann also eng Verwaltung e Kandidat refuséiert anzestellen, dann handelt se net entspriechend der aktueller Législatioun. Dat soll emol eng Kéier hei kloer an däitlech gesot ginn.

An der Carrière universitaire musse ganz oft Kandidaten, déi den Exa-

me fir d'Carrière supérieure gepackt hunn, sech duerno nach engem zousätzlechen Examen an/oder Interview an dem Ministère oder der Verwaltung ënnerwerfen, wou si e Poste briguéieren. Duerno gëtt dee Kandidat zréckbehalen, deen dem Profil, deen erfuerdert ass, am beschten entsprécht.

Wat elo déi Etablissements publics ubelaangt, déi Der ugeschwat hutt, do ass jo eent wat besonnesch an dësem Kontext ervirstécht, dat ass de Centre d'affiliation d'Caisse de maladie, wou ech festgestallt hunn, dass an der Vergaangenheet d'Administratioun ganz oft déi Kandidaten, déi iwwerqualifizéiert waren, besonnesch fir d'Carrière vum Expéditionnaire, einfach refuséiert huet mat dem Argument, dass se gesot huet déi do komme souwisou nëmme just fir eng kuerz Zäit, déi profitéiere vun der Geleeënheet fir d'Coursen am IFA ze suivéieren, wa se dat da gemaach hunn, da stellen se sech deem nächste Concours fir an d'Carrière moyenne eranzekommen a wa se dee gepackt hunn, da gi se eis verluer. Dat ass d'Ursaach firwat mer déi Leit net méi wëlle bei eis astellen.

Ech muss Iech soen, dass dat keng richteg Approche ass, well Dir hutt gehéiert wéi vill Leit sech momentan bewerbe fir bei de Stat ze kommen, och an der Carrière vun dem Expéditionnaire. Ech sinn der Meenung, dass déi Leit, déi hei d'Chance kréien iwwert de Wee vum Expéditionnaire bei de Stat eranzekommen, déi Chance misste kënne wouerhuelen, well ganz oft handelt et sech hei ëm Kandidaten, déi net déi noutwendeg Viraussetzungen erfëlle fir den Examen-concours an der Carrière vum Redakter ze packen, well se eben aus engem Ordre d'enseignement kommen, notamment aus dem Enseignement technique, deen net esou spezifesch d'Leit op d'Examen an der Carrière moyenne vum Redakter virbereet. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président**.- Domat wier d'Heure de questions ofgeschloss. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5105 iwwert de Lëtzebuerger Bäitrëtt an d'Banque Asiatique de Développement. Et sief drun erënnert, dass bei dësem Projet de loi 5105 nom Artikel 114 vun eiser Verfassung ofgestëmmt gëtt. Dat heescht, datt mindestens dräi Véirel vun den Deputéierte musse present sinn, an datt de Projet mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel muss ugeholl ginn.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn agedroen déi Hären: Krecké, Graas, Henckes a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

## 5. 5105 - Projet de loi relatif à l'adhésion du Luxembourg à la Banque Asiatique de Développement

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

**M. Lucien Clement** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg ass weltwäit eent vun deene Länner mat der héchster proportionaler Leeschtung an der Entwécklungshëllef. 0,85% vun eisem Bruttoinlandsprodukt investéiere mer an dësem Joer an d'Kooperatioun. An e puer Joer wäert et e ganze Prozent sinn, wat jo och d'Zilsetzung vun eis ass.

Dëst Engagement an der Entwécklungspolitik verflicht eis awer och stänneg déi Kanäl iwwert déi mer eis Leeschtung drainéieren nei ze iwwerdenken. Am Kontext vun der Kooperatiounspolitik muss een dofir de virleiende Projet gesi mat deem Lëtzebuerg der asiatescher Entwécklungsbank bäitriede wäert. Et ass dëst eng regional Institutioun, déi sech am Kampf géint d'Aarmutt an Asien verschriwwen huet. Et gëtt dës Bank schonn zënter 1966. Am Verlaf vun der Zäit sinn 61 State Member dovu ginn, dovunner 44 aus Asien selwer.

An der Europäescher Unioun ass Lëtzebuerg nieft Griichenland an Irland eent vun deenen dräi Länner, déi nach net Member sinn. No dësem Vote wäerten et der dann nach just zwee an der Europäescher Unioun ginn. D'asiatesch Entwécklungsbank vergëtt Prête mat deenen déi sozial Entwécklung weidergedriwwe soll ginn.

Institutiounebildung gehéiert grad esou zu de Kärberäicher vun den Interventioune vun dëser Bank wéi d'Ënnerstëtze vun der Zivilgesellschaft a vum Privatsecteur. De Respekt an de Schutz vun der Ëmwelt esou wéi juristesch a gesellschaftlech Reforme sinn am gläichen Otemzuch dozou ze nennen.

D'Ziler vun der asiatescher Entwécklungsbank sinn also mat deene vun eiser Entwécklungspolitik conforme. Virun allem d'Bekämpfung vun der Aarmutt ass, wéi mer dat all wëssen, e virdrénglecht Zil vun der Lëtzebuerger Kooperatioun. Zwee Zillänner an Asien sinn de Laos an de Vietnam. De Vietnam zum Beispill ass gläichzäiteg ee vun den Haaptbénéficiairë vun den Interventioune vun dëser Bank, där Lëtzebuerg elo bäitriede soll. Hei gëtt et mat Sécherheet och ganz sënnvoll Iwwerschneidungen.

Mat dem Antrëtt an d'Kapital vun der asiatescher Entwécklungsbank erweidere mer de Spektrum vun den Instrumenter mat deene mir eis Kooperatiounspolitik bedreiwen an och ergänzen. Mä net nëmmen dat. Mir bedreiwen och aktiv Ënnerstëtzung vu Lëtzebuerger Betriber, déi op dem asiatesche Marché entweder scho present sinn oder et wëlle ginn. Si hunn de Bäitrëtt vu Lëtzebuerg zur asiatescher Entwécklungsbank mat ugereegt. Lëtzebuerger Betriber kënnen an Zukunft un de Soumissiounen, déi d'Bank an Asien ausschreift, deelhuelen, an esou hir Maartpresenz verstäerken oder etabléieren, an dëst op engem Kontinent, deen duerch seng wirtschaftlech Dynamik an Zukunft mat Sécherheet wäert op sech opmierksam maachen. Déi héich qualifizéiert a motivéiert Main-d'oeuvre, déi a villen asiatesche Länner unzetreffen ass, ass dee beschte Garant fir e wirtschaftleche Wuesstum an domat vu gesellschaftlechem Fortschrëtt.

Konkret bedeit de Bäitrëtt zur asiatescher Entwécklungsbank fir Lëtzebuerg eng Dépense vu ronn 10 Milliounen Euro. Mir souscrivéiere grad esou vill Parten wéi zum Beispill Spuenien, Dänemark oder Holland dat gemaach hunn. Et sinn der 12.040, mä et brauche vun dëse Parten nëmme 7%, dat heescht ronn 847 Stéck libéréiert ze ginn. Dat passéiert zu 43% a Form vun enger direkter Geldanlag a fir déi reschtlech 57% a Form vu Bons du trésor. D'Contributioun a Form vu Geld ass gestreckt vun 2003 op 2006, während véier Joer also, an dat zu gläichen Deeler. Während fënnef Joer, tëschent 2003 an 2007, ginn d'Bongen amortiséiert.

Parallell zum Astieg an d'Kapital vun der asiatescher Entwécklungsbank trëtt eist Land dem asiatesche Entwécklungsfong bäi. Dat ass eng Konditioun fir iwwerhaapt kënne Member vun dëser Bank ze ginn. Dëse Fong ass dann och den eigentleche Gestionnaire vun de Prêten, déi d'Bank accordéiert. Hei maache mer eng Contributioun vu ronn 35 Milliounen Dollar, respektiv de Géigewäert dovun an Euroen. Bezuelt gëtt dës Zomm integral a Form vu Bons du trésor, an zwar an zwou gläichen Tranchen dëst Joer an d'nächst Joer. D'Bonge ginn dann awer iwwert den Zäitraum vun 2003 bis 2007 amortiséiert.

De Statsrot huet sech a sengem Avis mat der Zilsetzung an dem Inhalt vum Projet averstanen erkläert. Déi redaktionell Ännerungen, déi hie proposéiert hat, goufen och esou vun der Kommissioun iwwerholl.

De Statsrot huet nach drop higewisen, datt de Conseil des Gouverneurs vun der Bank d'Kompetenz huet Statutenännerungen ze beschléissen, an zwar ouni eng weider Interventioun vun deenen eenzelne Memberstaten. Mat dem Bäitrëttsgesetz ginn d'Statute vun der Bank an hirem aktuellen Zoustand um Dag vum A-Kraaft-Triede vum Gesetz akzeptéiert. Well awer eventuell spéider Modifikatioune vun de Statuten sech ouni formell Akzeptatioun vun de Memberstate vollzéien, geet de Statsrot dovun aus, dass mer et hei am Sënn vum Artikel 49bis vun eiser Constitutioun, mat enger Dévolutioun vu Pouvoiren iwwer Traitéen ze dinn hunn. Aus dësem Grond, Här President, suggéréiert de Statsrot, datt mer dëst Gesetz mat Verfassungsmajoritéit stëmme sollen, an dat laut dem Artikel 114 Ofsaz 5.

Dëser Appréciatioun vum Statsrot huet d'Finanzkommissioun sech ugeschloss. Lëtzebuerg gëtt hei Kompetenzen of, an zwar un eng Institution de droit international, dem Conseil des Gouverneurs. Aus dëse Grënn recommandéiert dann och d'Finanzkommissioun, wéi ech scho gesot hunn, de Vote vun dësem Projet mat constitutionneller Majoritéit.

Zum Schluss wëll ech nach soen, dass d'CSV-Fraktioun dëse Projet stëmme wäert, an dass ech hoffen, dass déi aner Fraktiounen en och mat droen. En ass mat Sécherheet e wichtegt neit Element an der Landschaft vun eiser Kooperatiounspolitik.

Ech soen Iech merci fir Äert Nolauschteren.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Här Krecké, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).*- Här President, no den Ausféierunge vum Här Clement kann ech den Accord vun eiser Fraktioun bréngen. Et ass zwar eppes, wat vun de Chiffren hier vläicht mag erschrecken, mä wa mer wëllen am Concert vun deenen normalen a groussen Natioune matspillen, da musse mer hei matmaachen.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Gusty Graas.

**M. Gusty Graas** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt eng Rei vu Gesetzesprojeten, déi u sech d'Chamber passéieren esou wéi une lettre à la poste. Et kënnt een dat heite Gesetz an déi Kategorie areien, trotzdeem mengen ech awer, datt ee soll e puer Reflexiounen iwwert dee Gesetzesprojet maachen.

Wann een de Wirtschaftswuesstum hei am Land an deene leschten zwee Joer analyséiert, da stellt een natierlech fest, datt deen extrem séier zréckgaangen ass. Eis Ekonomie huet sech effektiv e bëssen erkaalt an da gëtt et ganz séier Leit, déi da scho vun enger Kris schwätzen. Wann een awer emol e Bléck iwwert d'Grenze werft, da gesäit een, wat wierklech eng Kris duerstellt an dofir ass et wichteg, datt mer eis mat esou Projeten hei beschäftegen, well et gëtt jo awer eng Rei vun Deeler vun der Welt, wou d'Situatioun vill méi grave ass wéi hei zu Lëtzebuerg.

Et brauch een nëmmen a Südamerika ze kucken, an Afrika, an Osteuropa, virun allem awer och an den asiatesche Raum. Dofir ass et u sech wichteg, datt mir als Lëtzebuerger Land eng geziilten Entwécklungshëllef leeschten. Dat mannst, wat ee jo ka soen, ass, datt Lëtzebuerg do eng Virreiderroll spillt, sief dat um Niveau vum Stat, sief dat awer och um Niveau vun eenzelne Gemengen oder vun ONGen.

D'Zil vun dëser Regierung ass jo effektiv fir 1% vum PIB bis zum Enn vun dëser Legislaturperiod als Entwécklungshëllef ze leeschten. Dofir ass et scho luewenswäert, datt mer dee Schrëtt hei ënnerhuelen an décidéiere fir der Banque asiatique de Développement bäizetrieden. De Rapporteur huet dat schonn ënnerstrach. Et sinn u sech nëmmen nach dräi Länner aus der Europäescher Unioun, dorënner Lëtzebuerg, déi bis dato net Member sinn, esou datt ech der Meenung sinn, datt et eis als Lëtzebuerg gutt zu Gesiicht steet, wa mer dëse Schrëtt haut hei ënnerhuelen.

Wann een elo kuckt, wat fir eng déi Haaptbenefiziente vun deene Kreditter sinn, da gesäit een, datt Länner drënner sinn, wou et vläicht net ëmmer esou ganz genee mat de Mënscherechter geet. Ech denke virun allem hei u China. D'Fro, déi ee sech awer da soll stellen, ass déi, ob net och sollen esou Moossnamen da gekoppelt si mam Appel un esou Länner Efforten um Niveau vun de Mënscherechter ze maachen.

Natierlech, an dat ass eng Tatsaach, stinn hannert dem Bäitrëtt zu der BAD net nëmme reng human Iwwerleeungen, mä natierlech och wirtschaftlech Interessen. Dat ass mat Sécherheet guer keng Onéier. Et däerf een net vergiessen, datt mer haut an enger globaliséierter Welt liewen, a besonnesch Lëtzebuerg ass jo méi wéi jee ofhängeg vun den ausländnesche Mäert. Ech wëll an deem Kontext emol aus der Regierungserklärung vun 1999 zitéieren, wou dra steet: «La globalisation croissante de l'économie mondiale exigera un renforcement des instruments qui régissent les échanges commerciaux multilatéraux». Eent vun deenen Instrumenter ass mat Sécherheet de Bäitrëtt zu där Bank hei, well dat wäert enger Rei Lëtzebuerger Betriber et erlabe vläicht nach méi e staarke Fouss am asiateschen a pazifesche Raum ze faassen.

Ze begréissen ass awer och, datt d'Objektiver vun där Bank net nëmme reng wirtschaftlecher Natur sinn, mä datt doriwwer eraus awer och aner Objektiver verfollegt ginn. Ech denken zum Beispill un déi sozial Entwécklung, u juristesch Reformen oder virun allem awer och un den Ëmweltschutz. An deem Kontext kann een hei op en interessante Projet hiweisen, deen d'BAD 2001 schonn zesumme mat der Weltbank geholl huet, an zwar geet et do ëm d'Initiativ „Propper Loft fir asiatesch Stied".

Net méi spéit wéi de leschten 10. Juni sinn deem Projet aacht grouss Firme bäigetrueden, ënner anerem Shell a Ford. Dat ass u sech en neie Finanzéierungsmodell, esou wéi déi Verantwortlech vun där Bank dat och matgedeelt hunn. Da gëtt awer och versicht der Korruptioun de Kampf iwwert de Wee vun där Institutioun unzesoen.

Wat elo de finanziellen Apport vu Lëtzebuerg ugeet, wëll ech net méi an den Detail agoen. De Rapporteur, deem ech iwwregens och nach merci soe wëll fir säi Bericht, huet dat jo ausféierlech gemaach. Natierlech kann ee sech d'Fro stellen, firwat datt mir deeselwechte Bäitrag musse leeschte wéi grouss Länner, zum Beispill d'Türkei, Spuenien oder Norwegen, op där anerer Säit kréie mer doduerch awer och déiselwecht Stëmmenzuel.

Ech wëll ofschléissend nach festhalen, datt mir eis als Demokratesch Partei awer och dem Avis vum Conseil d'Etat ralliéieren, datt et wichteg ass, datt mer dëst Gesetz am Kader vum Artikel 114 vun der Constitutioun stëmmen, well een net däerf vergiessen, datt mer gegebenenfalls eng Rei Souveränitéitsrechter un eng Institutioun vun internationalem Recht ofginn.

Et ass jo bekannt, datt d'Demokratesch Partei e besonneschen Akzent op d'Entwécklungshëllef setzt. Dat gëtt jo duerch d'Politik vum Charel Goerens besonnesch bemierkbar an an deem Sënn hu mir och absolut kee Problem fir dëse Projet ze stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass wichteg, datt Lëtzebuerg an internationale Gremie vertrueden ass an notamment hu mer déi Politik och verfollegt an all deene Gremien, wou wirtschaftlech a finanziell Intérêten debattéiert ginn.

Et ass dofir och wichteg, datt Lëtzebuerg un den neie Gremien am asiatesche Raum deelhëlt an an deem Sënn bréngen ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet.

**M. le Président**.- Als leschte Riedner ass den Här François Bausch agedroen.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Budgetsminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Regierung ass dat hei e wichtege Projet. Dir wësst, datt d'Entwécklungspolitik - an dat soe mer och all Joers bei de Budgetsdebatten - en erklärtent Zil vun dëser an och där viregter Regierung ass, datt do eng gewësse Kontinuitéit dra läit.

Et ass am Kader vun där Entwécklungspolitik, déi net nëmmen eng Politik ass vu Generositéit vis-à-vis vu Leit deenen et méi schlecht geet, mä och am Intérêt vun der Stabilitéit vun der Welt an dofir och an eisem eegenen Intérêt ass. Et ass am Kader vun där Entwécklungspolitik, wou mer déi bilateral Entwécklungshëllef hunn, déi virun allem vum Ausseministère geréiert gëtt, an dann hu mer déi multilateral Entwécklungshëllef, déi vum Finanzministère geréiert gëtt via eng Rei international Finanzinstitutiounen. Dat heescht, deen Effort financier, deen Der de Mëtteg hei stëmmt, reit sech an an déi 0,84% vum Revenu national brut, dee Lëtzebuerg fir d'Entwécklungshëllef consacréiert. Et kann een net alles um bilaterale Wee maachen. Et muss een och en Deel um multilaterale Wee maachen. Dat wat mer hei maachen ass also complémentaire zu där bilateraler Hëllef, déi de Lëtzebuerger Stat gëtt.

Mir ware bis elo selbstverständlech an der Weltbank vertrueden. Mir sinn och an anere regionalen Entwécklungsbanke vertrueden. Mir waren net an der asiatescher Welt um multilaterale Plang vertrueden. Dat ass awer, mengen ech, net gutt gewiescht, well wann ee kuckt wou déi Aarm an der Welt wunnen, da gesäit een, datt zwee Drëttel vun der Aarmutt op der Welt am asiatesche Raum ass. Also méi wéi an Afrika a méi wéi an anere Regioune vun der Welt.

Wat och gutt ass bei der asiatescher Entwécklungsbank, dat ass, datt ganz vill vun den Hëllefen, déi déi Bank gëtt, gekoppelt sinn un d'Performance vun de Bénéficiairen, datt also gekuckt gëtt, ob déi Länner, déi Sue kréien, eng bonne gestion économique hunn, gutt

Gouvernements hunn. Dorunner gekoppelt sinn also Kreditter, déi d'asiatesch Entwécklungsbank deene Länner gëtt. Ech mengen, dat ass e gudde Kritär fir se och selwer, déi aarm Länner, op hir eege Féiss stellen ze loossen.

Positiv, mengen ech, ass och bei der asiatescher Entwécklungsbank, an dat ënnerscheet se vläicht vun aneren, datt do Appels d'offres gemaach ginn un deene Lëtzebuerger Entreprisen direkt kënnen en Intérêt hunn. Dat ass scho virdrun ugeschwat ginn. D'Lëtzebuerger Ekonomie profitéiert also och dovunner, op d'mannst eng Rei vu Betriber, déi an esou Länner wëllen aktiv ginn. Si kënnen an deem dote Wee och en Intérêt gesinn, quitte datt dat net eis Haaptmotivatioun ass fir dat do ze maachen. Mä ech mengen Entwécklungshëllef kann a soll och do wou et méiglech ass de Lëtzebuerger Betriber eppes bréngen.

Eng lescht Remarque, déi ech géing wëlle maachen an déi mer och net oninteressant ze si schéngt ass déi, datt mer hei och fir e puer Lëtzebuerger d'Méiglechkeet schafe kënne bei d'asiatesch Entwécklungsbank schaffen ze goen. Mir hunn dat mat négociéiert. Do gëtt et esou Quotaen, dat hu mer am Fong bei deenen aneren Entwécklungsbanken net. Mir sinn amgaangen dat genee ze kucken, mä dat wäert eppes fënnef, sechs Leit sinn, déi do kënnten eng Plaz kréien an ech mengen, datt dat eng flott Méiglechkeet ass fir jonk Leit, déi sech fir deen dote Secteur interesséieren, déi doraner eng Formatioun hunn, fir kënne bei esou Entwécklungsbanke matzeschaffen.

Ech sinn am Numm vun der Regierung frou, datt hei an der Chamber dëse Projet schéngt eng unanime Zoustëmmung ze fannen. Et ass, wéi gesot, e wichtege Projet vun der multilateraler Entwécklungshëllef, dee complémentaire ass zu där bilateraler, déi mer all Joers hei, esouwuel bei der Erklärung iwwert d'Entwécklungspolitik, wéi och bei de Budgetsdebatten diskutéieren.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5105 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo of iwwert dee virleiende Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 58 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Emile Calmes), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5073 iwwert d'Spideeler. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen déi Häre: Halsdorf, Di Bartolomeo, Bettendorf, Colombera an Huss.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marco Schroell.

## 6. 5073 - Projet de loi modifiant la loi du 21 juin 1999 autorisant l'Etat à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers

***Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale***

**M. Marco Schroell** *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Projet de loi 5073 ass den 18. Dezember 2002 vum Gesondheetsminister Carlo Wagner an der Chamber deponéiert ginn. Et handelt sech heibäi ëm eng éischt Serie Ëmännerunge vum Finanzéierungsgesetz vum 21. Juni 1999, dat dem Stat d'Méiglechkeet gëtt d'Modernisatioun vun eise Spidolsinfrastrukturen zu 80% matzefinanzéieren. Den deemolege Projet stoung kuerz virun deene leschte Wahlen hei am Plenum zum Vote.

Dëst neit Finanzéierungsgesetz ass néideg ginn nodeem sech no an no erausgestallt huet, datt déi deemoleg Estimatiounen, dat ware 25 Milliarden aler Frang, also bal 620 Milliounen Euro, wat d'Besoine vun deenen eenzelne Spideeler betrëfft, net un d'Realitéiten ugepasst waren a vill ze niddreg ausgefall sinn. Dëst zum Deel, well déi néideg Devisen a Pläng fir déi insgesamt 15 Projeten net genuch ausgeschafft waren, well verschidden Equipementer net virgesi waren, mä awer och well nei Besoinen an nei Contrainten entstane sinn.

Den neie Spidolsplang aus dem Joer 2001, deen dës Regierung élaboréiert huet, huet deene Realitéite Rechnung gedroen a sech de Besoine vum Spidolswiesen alignéiert. De Projet de loi, dee mer hei wäerten ofstëmmen, gëtt der Regierung d'Méiglechkeet hiren neie Spidolsplang konkret an d'Praxis ëmzesetzen.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Här President, et besteet effektiv en Nohuelbedarf wat modern Spidolsinfrastrukturen hei zu Lëtzebuerg betrëfft. De Projet de loi huet also als Objektiv dës Situatioun ze verbesseren andeems d'Zommen, déi de Stat deblockéiert fir d'Modernisatioun vun eise Spideeler, eropgesat ginn. Heivu concernéiert sinn op där enger Säit schonns fäerdeg Konstruktiounen, wéi d'Häerzfondatioun beim CHL, op där anerer Säit geplangten Etablissementer wéi zum Beispill déi nei Clinique Dr Bohler um Kierchbierg.

Ier ech elo op den Detail vun deenen eenzelne Projete wëll agoen, wollt ech nach preziséieren, datt meng Donnéeën sech op den Dossier vun de Servicer vum Ministère de la Santé baséieren, deen de Rapporteur kuerzfristeg zur Verfügung gestallt kritt huet an déi ech esou objektiv wéi méiglech hei resüméiere wäert.

Wéi eng Adaptatioune gesäit den heitege Projet dann elo konkret vir? Insgesamt si fënnef verschidden Etablissementer betraff. Erlaabt mer hei vläicht méi an den Detail ze goen.

Fänke mer u mam Centre hospitalier. Den initiale Montant vu ronn 47,5 Milliounen Euro gëtt erhéicht an zwar ëm ronn 4 Milliounen Euro fir d'Modernisatioun vun der Maternité Grande-Duchesse Charlotte an ëm ronn 34,1 Milliounen Euro eleng fir d'Kannerklinik. Dee relativ héije Montant, dee fir d'Clinique pédiatrique virgesinn ass, ass net iwwerdriwwen. Hei ass den Nohuelbedarf besonnesch grouss. Déi relativ al Infrastrukturen, d'Kannerklinik ass 1966 opgaangen, mussen integral moderniséiert ginn.

Scho Mëtt den 90er Jore gouf eng Modernisatioun vun der Kannerklinik an d'A gefaasst. 1997 sinn dann 300 Milliounen aler Frang, dat si ronn 7,5 Milliounen Euro, am Regierungsrot festgehale gi fir dës Modernisatioun am Kader vum Ausbau vum CHL, ouni datt awer dëse Chiffer op engem prezise Konzept baséiert hätt. An deene Joren drop ass regelméisseg dës Enveloppe eropgesat ginn, bis datt den Avant-projet détaillé elo vu ronn 43 Milliounen Euro zréckbehale ginn ass.

Virun deem grousse Käschtepunkt ass virun engem Joer de Projet erëm eng Kéier un d'Stocke komm, fir eng eventuell Alternativléisung a Form vun engem Neibau ze préifen. Schlussendlech ass awer d'Propositioun vun enger Modernisatioun vun der jëtzeger Kannerklinik an den Neibau vun enger Maternité an e puer Joer zesummen als e Centre mère-enfant zréckbehale ginn.

Dat Konzept vum Centre mère-enfant beinhalt déi funktionell an déi geographesch Zesummeleeung vun alle Servicer, déi sech ronderëm de Puppelchen dréien, vu senger Konzeptioun un iwwert d'Schwangerschaft bis zur Gebuert an och no der Gebuert. Dozou gehéieren d'Procréation médicalement assistée, d'Médecine fœtale, d'Iwwerwaache vu Risikoschwangerschaften, den Diagnostic prénatal, d'Prise en charge vum Neigebuerenen, deem gesonden an deem kranken, deem ënnergewiichtegen an deem fréi gebuerenen an deem, deen eventuell muss operéiert ginn.

Dat Ganzt soll funktionéieren an engem Kader, dee wuel héich technesch ausgeriicht ass, mä wou d'Mamm an de Papp an d'Geschwëster, wou also d'ganz Famill an engem convivialen Environnement voll ka mat abezu ginn. Déi moderniséiert Kannerklinik, déi elo etappeweis an dräi bis véier Joer fäerdeg soll sinn, ass also deen éischten Deel vun dësem Konzept Centre mère-enfant.

Um Rez-de-chaussée entsteet eng riseg Plattform fir déi ambulant Betreiung vun deene Klengen, sief et fir d'Urgencen, sief et fir déi, déi net ugemellt kommen, sief et fir déi programméiert Consultatiounen. Donieft entsteet eng Unitéit vun zéng Plazen Hôpital de jour, wou d'Kanner moies kommen an owes erëm heemginn no enger kuerzfristeger Beobachtung oder enger diagnostescher Prise en charge.

E kannergerechte Plateau médico-technique mat performanten Apparature complétéiert dës Infrastruktur fir zum Beispill Häerzkrankeeten oder neurologesch Entwécklungsstéierungen an esou weider fréizäiteg ze erkennen an ze behandelen.

Um éischte Stack entsteet eng Unité d'hospitalisation médico-chirurgicale fir grouss Kanner an eng fir kleng Kanner an dann de Service national de néonatalogie intensive an am selwechten Trakt eng Unité de soins intensifs fir déi méi grouss Kanner. Um zweete Stack gëtt eng Kannerpsychiatrie installéiert mat engem ambulanten an engem stationären Trakt. Spillzëmmeren, e Schoulsall, d'Physiotherapie an eng Cafeteria ginn och net vergiess.

Här President, Dir wësst jo, datt eng Gesellschaft dru gemooss gëtt wéi se hir eeler awer och hir jéngste Matbierger versuergt. Wat déi heiteg Maternité Grande-Duchesse Charlotte ubelaangt, esou erlaabt dëst Finanzéierungsgesetz eng Mise en sécurité provisoire. Eng definitiv Sanéierung vum ganze Gebai zu Spidolszwecker ass awer net méi méiglech, esou datt à la longue dësen architektonesch interessante Bau zu administrativen oder ambulant medezineschen Zwecke genotzt gi wäert, deen Dag, wou déi nei Maternité funktiounsfäeg ass.

Ze erwähnen ass awer, datt an dësem Gesetz d'Realisatioun vun engem FIV-Laboratoire, dat heescht vun engem Laboratoire de fécondation in vitro virgesinn ass. Dëse FIV-Laboratoire gëtt den Zentrum vun engem Service de procréation médicalement assistée, deen et de concernéierte Koppelen hei zu Lëtzebuerg erlabe wäert eng Prise en charge ugebueden ze kréien an net méi dee lange Wee an d'Ausland maachen ze mussen.

Här President, eng weider finanziell Hëllef an dësem Gesetz ass virgesi fir d'Häerzfondatioun, dat heescht den Institut national de chirurgie cardiaque et de cardiologie interventionnelle, kuerz INCCI genannt. Hei geet et ëm d'Régularisatioun vun engem bekannten Dépassement vun der Enveloppe vun 1999, bedingt duerch Fräen, déi deemools net berücksichtegt goufen. Den initiale Montant, dee fir de Bau vun dësem Institut virgesi war, dat heescht ronn 4,9 Milliounen Euro, gëtt deemno ëm ronn 3,3 Milliounen eropgesat.

Ëmmerhin ass ze soen, datt den INCCI elo genee zënter zwee Joer funktionéiert mat engem allgemeng unerkannte Succès. A tel point, datt nëmmen ee Joer no der Ouverture schonn eng Vergréisserung vun de Raimlechkeeten ugefrot gouf.

Här President, d'Modernisatioun vun der Fondation Norbert Metz, Clinique d'Eich, kascht och méi wéi 1999 geschat gi war, notamment wéinst neie Sécherheetsbestëmmunge vun der ITM, awer och wéinst neie Konzepter wéi zum Beispill d'Transformatioun vum fréiere Schwësterenhaus an e Centre de sénologie, dat heescht eng Infrastruktur fir den Diagnostik vu Broschtkrankheeten. Dëse Projet ass besonnesch interessant, well en à l'écart läit vum normale Spidolsbetrib a fir Fraen, déi jo meeschtens net krank sinn, de richtege Kader fir eng preventiv Ënnersuchung schaaft.

Fir d'Modernisatioun vun der Eecher Klinik waren à l'origine ronn 12 Milliounen Euro virgesinn. Elo solle ronn 7,4 Milliounen dobäikommen. Hei feelt iwwregens e Saz a mengem schréftleche Rapport ënnert dem Punkt 2.3b, wou steet: «A cet effet, le montant prévu pour la modernisation de la Clinique d'Eich est augmenté d'un montant qui ne peut dépasser 4.598.559 €.» Do misst dobäikommen: «Par voie d'amendement gouvernemental ce montant est porté à 7.416.661 €.» Am definitiven Document parlementaire wäert dëse Saz och figuréieren.

Ze erwähnen ass nach, dass d'Clinique d'Eich zesumme mam CHL dëser Deeg eng Konventioun wäerten ënnerschreiwen, wou déi zwee Etablissementer d'Zesummeleeë vun all hire medezineschen a flegereschen Aktivitéite beschléissen an domat e Groupement hospitalier vu 640 Better realiséieren.

Här President, nodeems an deenen nächste Wochen dat neit Spidol um Kierchbierg, d'FFE, dat heescht d'Fondation François-Elisabeth opgeet, erlaabt dëst Gesetz och dee leschten Deel vum Kierchbierger Komplex ze realiséieren, dat heescht den Neibau vun der Clinique privée Dr Bohler. Am 99er Finanzéierungsgesetz war ledeglech e Subside forfaitaire virgesinn an et ass eréischt duerno, datt den Avant-projet sommaire an zum Schluss den Avant-projet détaillé deen definitive Coût festgeluecht huet. Fir den Neibau vun der Clinique Dr Bohler um Kierchbierg sollt de Stat laut dem 99er Gesetz 13,9 Milliounen Euro matfinanzéieren. Dozou sollen elo nach eng Kéier ronn 3,5 Milliounen Euro dobäikommen.

An der Clinique Dr Bohler entsti sechs Kreessäll, een Operatiounssall fir Césariennen, zwee Operatiounssäll fir gynäkologesch Agréffer, eng Pouponnière an 68 Better fir Fraen a Mammen, dovu 44% Eebettzëmmeren, en plus vu 4 Places de jour.

Eng Section de néonatalogie non intensive ass virgesinn am Kader vun der Pédiatrie am Hôpital du Kirchberg un dat d'Maternité Dr Bohler jo ugedockt gëtt. Ze notéieren ass nach, datt zënter September 2002 de Statut juridique vun der Clinique Dr Bohler geännert huet am Sënn vun enger Société anonyme, wou d'Fondation François-Elisabeth mat dru bedeelegt ass.

Här President, de Centre national de radiothérapie François Baclesse beim Escher Spidol ass dee leschten Etablissement, dee vun dësem Gesetz profitéiert. Hei geet et ëm en neie Projet, deen tel quel net am Gesetz vun 99 virgesi war an deen d'Extensioun vun de Gebailechkeete virgesäit. Déi néideg Vergréisserung soll mat ronn 19,2 Milliounen Euro matfinanzéiert ginn. De Centre Baclesse huet 1999 seng Dieren opgemaach mat zwee Accélérateuren, déi op e Volume vu Patiente baséiert waren, dee sech als staark ënnerschat erwisen huet. Schonn 2001 goufe ronn 800 Patiente behandelt, wat e Maximum duergestallt huet a vill Leit mussen zënterhier erëm an d'Ausland iwwerwise ginn.

De Centre Baclesse proposéiert eng Extensioun ze schafe fir zwee supplémentaire Accélérateuren ze installéieren, een elo direkt an ee méi spéit, fir am Joer 2010 eng Populatioun vun 710.000 Persounen, dovunner 480.000 zu Lëtzebuerg an 230.000 an der Groussregioun, behandelen ze kënnen. Dëse Projet d'extension berücksichtegt déi demographesch Entwécklung awer och déi steigend Heefegkeet vu radiosensible Kriibskrankheeten. De Projet soll zesumme realiséiert gi mat der Extensioun vum Service des urgences vum Hôpital de la ville d'Esch.

Här President, an der Santéskommissioun ass mat Zefriddenheet festgestallt ginn, datt d'Regierung vill Wäert op d'Modernisatioun vun eiser Spidolsinfrastruktur leet. Insgesamt kommen eleng, wat déi heiteg fënnef Projete betrëfft, bal 72 Milliounen Euro par rapport zu der Finanzhëllef vum 1999er Gesetz dobäi. Et wäert awer net bei dësem heitege Projet de loi bleiwen. E weidert Finanzéierungsgesetz, wou et ëm aner Projete wéi deen neie Spidolskomplex um Kierchbierg, déi nei Clinique St Louis zu Ettelbréck an de Rehazenter um Kierchbierg geet, soll deemnächst déposéiert ginn. Och hei si weider Investissementer noutwendeg am Sënn vun engem qualitativ héichwäertege Spidolswiesen.

Ech soen Iech merci.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Schroell. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem hei an der Chamber, et war den 20. Mee 1999, e Peloton vu 15 Bauteprojete vu Spideeler op de Wee gaangen ass, ech schwätzen also hei vum éischte Finanzéierungsgesetz, ass deemools gefaart gi 15 Baute géife parallell an zesumme lafen, esou datt se mateneen ukéimen, wat finanziell Enkpäss mat sech bruecht hätt.

Déi Iddi, fir dass déi 15 Projete mateneen ukéimen, stoung am deemolegen Avis vun der UCM. Haut wësse mer, dass déi Ängschten net berechtegt waren, an dass et net esou ass. Verschidde Riedner wollten deemools schonn entweder guer net an der Chamber ofstëmmen, besonnesch aus juristesche Considératiounen eraus, an anerer wollten zwee Pelotone maachen, ee mat siwe Spideeler an ee mat aacht Spideeler.

Haut kann ee soen, si alleguer op den Instanzewee ze schécke war sécherlech keng falsch Entscheedung an dëst besonnesch och am Intérêt vun der Entwécklung vun eiser Spidolslandschaft. D'Bauprojeten hunn nämlech net d'selwecht évoluéiert, dat kann een haut feststellen, esou wéi deemools déi eenzel Bauprojeten avancéiert sinn. Verschiddener si gutt virugaangen an anerer net esou gutt. Huelen ech de Centre hospitalier oder den Hôpital de la ville d'Esch, dann hunn dës normal évoluéiert. D'Clinique St Louis vun Ettelbréck mécht deemnächst hir Dieren op. Dëse Projet ass also och gutt weidergaangen. De Kierchbierger Projet François-Elisabeth ass, géif ech soen, besser virukomm, well hie war deemools net am éischte Peloton, an do solle jo och d'Dieren elo am Juli opgoen. D'Eecher Klinik huet nach méi schnell geschafft, well hire Projet ass haut och schonn hei an der Chamber. Datselwecht gëllt fir d'Klinik Dr Bohler, déi mer och an dësem Finanzéierungsgesetz erëmfannen.

Et gëtt awer aner Projeten, déi net esou gutt avancéiert sinn, an ech wëll kuerz op déi agoen. Ouni wëllen ze polemiséiere muss een awer feststellen, datt de Rehazenter zréckgefall ass an där ganzer Planung. Dat soll een zwar net als besonnesch dramatesch gesinn, well dëse Projet ass trotzdeem schonn, et muss ee sech et virstellen, 22 Joer al.

Fir d'alleréischt ass 1981 d'Iddi komm fir e Rehazenter ze bauen, an zwar zu Hamm. 1986 huet de Benny Berg gemengt, datt dësen Zenter misst op Mondorf-les-Bains kommen. 1993 ass d'Décisioun komm fir dësen Zenter op Diddeleng ze setzen. 1996 an dat berühmte Frankelach, wou mer scho vill hei an der Chamber driwwer diskutéiert hunn. 1997 ass d'A.s.b.l Rehazenter gegrënnt ginn. Et ass e Cahier des charges gemaach ginn an et ass e Marché négocié gemaach ginn am Kader vun den Aarbechten. Iwwert d'Gesetz vum 21. Juni 1999 sinn 38 Milliounen Euro engagéiert gi fir dëse Projet ze realiséieren.

Et ass e Moratoire komm an am Oktober 2000 ass en neie Site um Kierchbierg festgehale ginn. Et ass festgestallt ginn, datt dat Engagement, dat d'A.s.b.l. gemaach hat iwwer e Marché négocié, misst zréckgesat ginn. De Ministère des Travaux publics huet drop opmierksam gemaach, datt dat incompatibel wär mat der europäescher Législatioun.

Et ass also esou, datt den 22. Dezember 2000 d'Regierung eng nei Prozedur festgeluecht huet an och de Wëllen zréckbehalen huet fir weider mat der A.s.b.l. Rehazenter ze schaffen. Dat si Fakten, an ech wollt se einfach emol eng Kéier esou brénge fir ze weisen, datt dat heiten en Dossier ass, wou mer onbedéngt, Här Minister, haut scho wa méiglech, Opklärung musse kréien.

Ech begréisse perséinlech, wéi och d'Membere vun der Kommissioun, datt de Rapporteur gesot huet, datt deemnächst dee Projet géif déposéiert ginn, an datt dann de Rehazenter soll Partie intégrante vum Peloton sinn. Ech wënsche mer dat, mä et stinn nach Froen op.

Ech wollt och kuerz op déi Froen agoen, déi notamment an der Commission de l'exécution budgétaire opgeworf gi sinn, Froen iwwert dës Adjudicatioun, wéi dat gekläert soll ginn. Et ass dozou en Avis gemaach ginn. Wien ass do schëlleg? Wien ass net schëlleg? Kloer ass, datt 1997 den deemolege Gesondheetsminister, den Här Lahure, de Feu vert ginn huet fir dësen Dossier, an do muss een elo kucke wéi mer do erauskommen. Ech géing mer allzäit wënschen, am Sënn vun der Medezin, am Sënn vum Patient, am Sënn vun eisem Gesondheetssystem, datt dësen Dossier, wat dee Punkt ugeet, schnellstens kéint liquidéiert ginn, grad esou wéi d'Fro vum Site. Et steet de Moment nach ëmmer am Spidolsplang e misst op Diddeleng kommen, e kënnt awer elo op de Kierchbierg.

Ech wier frou, Här Minister, wa mer kënnte Prezisioune vun Iech kréie wéi Der dësen Artifice geléist hutt oder ob dee vläicht net existéiert an ech dat falsch interpretéieren. Wéi deem och ass, mir schéngt et, an ech mengen eis alleguerten heibannen, datt no 22 Joer dëse Projet endlech muss ficeléiert ginn, esou wéi aner Projeten och ficeléiert ginn.

Här Minister, ech wär frou, wann Der herno kuerz kéint op dësen Dossier agoen, well an engem aneren Dossier, an dat ass justement dee vun der Kannerklinik, ass gutt Aarbecht gemaach ginn, wat ech ganz kloer soe muss. Do war bis 1999 net vill virgesinn, just e Forfait, deen am Finanzéierungsgesetz stong an do hutt Dir, Här Minister, eng gutt Aarbecht gemaach, well Dir hutt elo e Plang virleien 1:100 mat engem CPH-Avis. Et ass eng gutt Saach an do kënne mer lech nëmmen dofir félicitéieren.

Et gëtt awer nach aner Bauprojeten, an do wëll ech kuerz op een agoen, wou mer dëser Deeg e Bréif kritt hunn als Membrë vun der Kommissioun vun der Direktioun vun der Zitha-Klinik, déi och feststellen, datt am Fong geholl hire Projet, wéi si en an d'CPH eraginn haten, net géif deem entsprieche wéi d'Autoritéit sech dat virstellt. Duerfir misst eng Rezentréierung stattfannen, an déi soll dann och deemnächst kommen. Ech stelle mer d'Fro wéi esou eppes méiglech ass, datt e Projet bis an d'CPH geet, an datt dann op eng Kéier do fundamental, géif ech soen, Divergenzen oder wierklech grondsätzlech Problemer opkommen. Ech géing mer wënschen, datt een och do géif schnellstens weiderkommen.

Stéchwuert CHNP, Centre hospitalier neuropsychiatrique vun Ettelbréck, dat ass och en Dossier, deen 1993 ugaangen ass mat der Dezentralisatioun iwwert d'Häffner-Studie. Do si mer jo gutt weiderkomm an deem Sënn, datt mer deemnächst hoffentlech eng Dezentraliséierung kréien. Déi soll jo zu Nidderkuer sinn, awer dat Ganzt huet zéng Joer Zäit kascht.

An nach e Stéchwuert, wat mer alleguerten an den Oueren hunn, dat ass dat vum Laboratoire national de santé. Dëst soll e Centre de référence ginn. Här Minister, wou ass dësen Dossier drun? Et wär gutt, wann Dir eis och do kéint haut Opklärung driwwer gi wéi konkret dëse Gesetzestext ausgesi soll. An nach e lescht Stéchwuert, an do ass den Här Huss bestëmmt frou, wann ech dat soen, dat ass den Ëmweltzenter. Et héiert een och näischt méi vun deem. Et wär flott, wa mer kéinten am Kader vun dëser Diskussioun och dës Strukturen an der Spidolslandschaft positionéieren, datt mer wësse wéi et weidergeet.

Et kommen ëmmer nees nei Momenter derbäi an en neit Element zum Beispill ass déi Ausso vum Statsminister beim Etat de la nation, fir d'Palliativmedezin an deenen nächste Joren auszebauen. Hei si ganz kloer och strukturell Elementer eng Viraussetzung fir esou en Ausbau. Hei ass et natierlech schwéier finanziell ze cadréieren, mä et gesäit een awer an esou engem kuerze Bilan, wann een en no evolutiv zäitleche Kritäre mécht, datt dee ganz komplex ass, an dee weist och d'Komplexitéit vum ganze Secteur.

Mir hunn also fest Prozedurregelen, dat ass och gutt esou, an trotzdeem evoluéieren déi eenzel Projete verschidden. Et kommen neier bäi wéi d'Palliativmedezin. Mir hunn also eng Eegendynamik an dëser ganzer infrastruktureller Problematik an déi ass net absolut an der Zäit kontrolléierbar an duerfir musse mer um Ball bleiwen, an dat kënne mer, wa mer zesummen um selwechte Strang zéien, och erreechen.

De Projet de loi vun deem mer haut schwätzen huet awer e ganz anere Kontext wéi dat Finanzéierungsgesetz vun 1999. Mir bewegen eis hei an engem klore legale Kader. De Minister gëtt jo seng Autorisatioun eréischt wann den Avis vun der CPH virläit, an da kann déi finanziell Hëllef eréischt kommen. Et muss een och feststellen, dass dee Secteur sech berouegt huet. En ass méi transparent ginn an dat ass ganz kloer e Mérite vum Gesondheetsminister.

Deemools gong et sécherlech drëm déi berühmt Comptes bloqués ofzeschafen. Déi waren nach Emanatioun vun der Dysfonctionnementsaffär vum Gesondheetsministère aus dem Joer 1998. Dat huet deemools vläicht eng gewëssen Onrou bruecht, haut hu mer e Spezialfong fir Spidolsinfrastrukturen, esou datt d'Faite kloer do leien. Juristesch werft dëse Projet de loi och keng Froen iwwert d'Légalitéit op, well jo och elo de Spidolsplang als solche gesetzlech existéiert.

D'Genehmegungsprozedur, wat de finanziellen Engagement duerch eng Décision ministérielle ugeet, ass méiglech wann d'CPH aviséiert. Dat hu mer fir all Projet, deen hei an d'Chamber kënnt, mä trotzdeem steet nach eng Fro am Raum, déi och schonn e puermol hei opgeworf ginn ass, déi vun den Normen.

Wéi ass et mat där Problematik? Déi soll jo iwwer e Règlement grand-ducal geléist ginn. Dës Problematik huet sécherlech keng grouss Influenz op de Baukäschtepunkt, mä trotzdeem, wa mer wëssen, datt am Ausland och Normen existéieren, déi deelweis an eis Modeller hei zu Lëtzebuerg afléissen, wier et awer net schlecht, wann een hei schnellstens kënnt légiféréieren an e Règlement grand-ducal erabréngen.

Dann hu mer déi Iddi, déi och scho vill diskutéiert ginn ass, vu 5 akute Better op 1.000 Leit an eisem Spidolssecteur. Dëst geet op eng Constatatioun vun der SEMA aus dem Joer 1990 zréck an och op eng éisträichesch Etüd, déi kierzlech jo gemaach ginn ass, déi déi éischt confirméiert, mä trotzdeem gëtt vu Surcapacité de lits aigus geschwat. Do muss ee sech awer, wann ee sech mat där Fro beschäftegt, dräi Froe stellen: Wéi ass et méiglech, datt et trotzdeem nach ëmmer vill Leit gëtt, déi een uschwätzen a soen si géife keen Eenzelzëmmer kréien an engem Spidol, obschonn, an dat muss een och feststellen, d'Fleegefäll manner an de Spideeler hébergéiert gi wéi bis elo, an obschonn d'Durée de séjour…

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Si ginn erausgekiert oder net?

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV).*- Här Di Bartolomeo, dat weess ech net.

…an de Spideeler zréckgaangen ass? Dofir géif ech mengen, dës prinzipiell Limitatioun, well se Froen opwerft, géif Sënn maache fir eng prezis Analys, fir genau festzestelle firwat dës Situation esou ass, a wann de Volleksmond dat esou seet, ob dat wierklech esou ass. Dës Démarche muss prioritär sinn, well mir op där anerer Säit wëssen, datt d'Cotisatiounen, no der Regierungsausso vun eisem Statsminister, net solle gehéicht ginn, also musse strukturell Elementer a Betruecht gezu ginn, fir effikass a präisgënschteg ze schaffen. Dofir och dës Analys.

Et schéngt mir awer esou ze sinn, wéi wann dës 5 pro 1.000 weider Bestand wäerten hunn an Zukunft, well mer soss deen héijen a villsäitege Leeschtungsstandard am Gesondheetsberäich net kënnen halen, a grad d'Spidolsinfrastrukturen sinn e bedeitend Element an enger qualitativer Gesondheetspolitik. Mir brauchen eng konsequent, eng gutt iwwerluechten a wäitsiichteg Politik beim Bau vun eise Spidolsinfrastrukturen.

Et muss kloer sinn, wie wat kritt u medezineschen Infrastrukturen, an dëst muss novollzéibar an transparent sinn. Net jiddferee kann absolut déiselwecht Strukture kréien. De Spidolsplang weist jo hei de Kader, mä op deenen eenzelnen Niveauen a Sitë muss d'Gläichbehandlung am Sënn vu Chancëgläichheet gëllen. Nëmmen esou kréie mer keng Zwouklassemedezin. Duerch esou eng Approche behalen déi eenzel Haiser eng gewësse Gestaltungsfräiheet, déi awer esou muss sinn, datt se an der Complémentaritéit zu de medezinesche Leeschtungen an der Regioun an am Land steet.

Et muss eng Zesummenaarbecht entstoen tëschent deenen eenzelnen Haiser, well si garantéiert e rationellt Schaffen. Dofir muss och déi finanziell Ënnerstëtzung, déi iwwert dës Gesetzesprojeten, déi elo haut do sinn an nach kommen, zäitlech a qualitativ equivalent si fir e wichtege Partenariat tëschent allen Haiser an eisem Land ze garantéieren.

D'Projeten, déi an d'Chamber kommen, mussen déiselwecht Prioritéit kréien, soss kréie mer eng Médecine à deux vitesses, och Projeten, wou keng Nimm néierens bis elo genannt sinn, wéi zum Beispill d'Clinique Ste Marie, d'Zitha-Klinik, déi reklaméiert hunn, den Hôpital de la ville de Dudelange oder och den HPMA. Esou e ganzheetlecht Konzept setzt natierlech viraus, datt eis Gesondheetspolitik national muss organiséiert ginn. Déi lokal Spezifissitéite mussen nom Subsidiaritéitsprinzip a Betruecht gezu ginn. Am Lëtzebuerger Modell bleift d'UCM natierlech eng zentral Figur. Hire Rôle ass en integrativ strukturellen. D'UCM erméiglecht eng Vernetzung vun eenzelnen Elementer an eisem Gesondheetsberäich. Bei gesondheetspoliteschen Décisioune gëllt de Rôle vun der UCM éischter als e begleedenden.

Mir haten och 1999 gefaart mir géifen duerch iwwerregional Auswierkungen am Gesondheetssystem Problemer kréien, besonnesch nom Decker-Kohll-Uerteel. Bis dato ass hei näischt Ëmwerfendes ze mellen, mä et heescht awer um Ball ze bleiwen an iwwerregional Zesummenaarbecht, wéi se schonn am Klengen a punktuell existéiert, auszebauen. Esou eng Démarche kann och käschtespuerend sinn a wäert et och sinn, wa se gutt organiséiert ass.

Wann ech dëse Projet de loi elo finanzpolitesch kommentéieren, da fält mäin Uerteel ganz kloer positiv aus, well d'Finanzéierung geschitt jo iwwert de Spezialfong vu Spidolsinfrastrukturen duerch budgetär Dotatiounen. Och iwwert d'Gesetz vun den Excédenten a Recettë vum Exercice 2001, dat mer jo iwwermuer hei an der Chamber stëmme wäerten, gëtt et méiglech 40 Milliounen Euro, dat sinn 1,6 Milliarde Lëtzebuerger Frang, an dëse Spezialfong ze speisen. Duerch esou Mechanismen a Méiglechkeete gëtt et am Fong geholl méi finanziell Flexibilitéit an de finanziellen Engagement bleift doduerch iwwersiichtlech.

Beim Projet als solchen, dee jo den 18. Dezember 2002 déposéiert gouf an haut schonn ofgestëmmt gëtt – et gouf also schnell geschafft – wëll ech mech wierklech ganz dem mëndlechen a schréftleche Rapport vun eisem Här Rapporteur ralliéieren an him félicitéiere fir déi gutt an exhaustive Aarbecht, déi hie gemaach huet. Dat war ganz korrekt an och ganz transparent, géif ech soen, an déi Leit, déi den Dossier gelies hunn, hu Versteesdemech fir déi Méiausgaben.

Et ass en décke Batz. Et si méi wéi 161 Milliounen Euro. Dat ass scho ganz vill, dat si 6,4 Milliarden aler Frang. Et muss ee soen, all fënnef Projeten, déi hei am Fong geholl refixéiert ginn, dat ass richteg esou, an och dem Statsrot seng Aarbecht wat de synopteschen Tableau ugeet war gutt an dat soll een och hei ervirhiewen. Dofir ass et och ganz kloer, dass d'CSV wäert zu dësem Projet hiren Accord bréngen.

Bei deene fënnef Projete si jo d'Clinique Dr Bohler an d'Clinique d'Eich, déi nach net esou wäit entwéckelt ware beim leschte Finanzéierungsgesetz, esou dass et normal ass, dass een hei nostëmmt. Den CHL huet d'Kannerklinik an d'Maternité bäikritt, wat iwwerfälleg war, wat eng richteg Démarche ass, an och Radiotherapie muss méi grouss gemaach ginn, wat ze begréissen ass. Schliesslech ass d'Häerzchirurgie elo fäerdeg ginn. Dofir ass dee Käschtepunkt och ze verstoen, an dee soll jo nach méi grouss ginn.

Déi eenzeg Fro, déi ech mer nach stellen, ass déi vun der ITM an dësem ganzen Dossier. Dofir meng Fro un den Här Minister: Hunn dës méi streng Oplagen, wéi se am Rapport an am Gesetz stinn, och op aner Projeten en Effet? Fanne mer déi do erëm? Well aus deene Considératiounen eraus géifen dat alt nees méi Ausgabe ginn.

Kloer ass wat d'ITM ugeet, dass am Virfeld besser zesummegeschafft muss ginn. Dat soll jo och de Fall sinn de Moment. Et muss e systematesche Modus Vivendi fonnt gi vun Zesummenaarbecht an et däerfen net ëmmer nees nei Fuerderunge kommen. Mir sollen also hei d'Ham net an der Mëllech kachen.

Als Konklusioun géif ech mengen, dass dëse Projet eng logesch Konsequenz ass vun der viregter Regierung an d'Finanzéierung am Spidolssecteur definéiert. Dës Démarche beweegt sech an engem kloer definéierten an transparente finanzielle Kader, a mir brauchen och an dësem Secteur eng kloer a konsequent Démarche. Mir mussen eis Strukturen am Gesondheetsberäich a besonnesch am Spidolssecteur fit halen. Net nëmmen nom Prinzip „qui trop embrasse, mal étreint" musse Prioritéite gesat ginn, well kloer ass, all Leeschtung huet säi Präis an eis finanziell Mëttele si limitéiert.

Déi nächst Pelotonen also, déi hei an d'Chamber komme mat deenen anere Kandidaten, wann déi an der Course sinn, mussen och schnellstens an dësem Haus hei passéieren. Si kënnen net alleguer mateneen a si wäerten och net alleguer matenee finaliséiert ginn.

De Minister sollt am Interessi vun engem néideg homogene Spidolssecteur déi eenzel Dossieren, esou wéi se vun der CPH aviséiert ginn,

schnellstens an dat legislatiivt Rad abannen. An och d'CPH soll sech an esou enger Démarche der Wichtegkeet vun hirem Rôle bewosst ginn an alles maache fir garantéiert medezinesch Leeschtungen an dësem Secteur ofzesécheren.

All dës Iwwerleeunge geschéien am Kontext vun enger kurativer Medezin, dat heescht, mir hunn hei zu Lëtzebuerg, besonnesch an dësem ganze Secteur, Héchstleeschtunge fir déi finanziell Kotisatioun, déi den Eenzelnen tätegt. Dofir wëll ech och ofschléissend nach eng Kéier am Sënn vun enger dynamescher Gesondheetspolitik net nëmmen op déi kurativ, mä och op déi preventiv Medezin hiweisen, well grad do ass et méiglech käschtespuerend Resultater ze kréien an dofir däerf dës preventiv Medezin net vernoléissegt ginn, fir dass mer kënnen héich Leeschtunge weider am Gesondheetssecteur ofsécheren.

Mir brauchen eng richteg Action santé publique, an ech wëll do nach eng Kéier hei un eng interessant Publikatioun erënnere vum Gesondheetsministère, dat berühmte Wäissbuch, de Livre blanc: Santé pour tous. Dës Publikatioun huet elo schonn e Jorzéngt um Bockel. A wann ee weess wéi dynamesch dëse Gesondheetssecteur ass, géif ech soen, dës Publikatioun ass net vu gëschter, mä scho bal vu virgëschter. A wann ee weess, dass eng wichteg Feststellung, déi am Wäissbuch steet, déi ass: „Le Livre blanc servira à l'orientation de nos efforts pour conserver aux Luxembourgeois leur bien le plus précieux, une bonne santé". An ech wëll natierlech och eis auslännesch Matbierger hei mat abezéien.

Da kann ech doraus nëmme schléissen, datt mer eben esou eng global an awer och aktualiséiert Approche brauchen, fir datt kënne weider héichkaräteg Leeschtungen am Gesondheetswiesen hei zu Lëtzebuerg garantéiert ginn, an dat och wann d'Konjunktur sech emol wiesselhaft weist an net méi esou gutt dréint. Ech mengen, eis Gesondheet ass eis dat wäert.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Halsdorf. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'LSAP ass selbstverständlech d'accord fir déi finanziell Mëttele fir d'Moderniséierung vun der Kannerklinik zur Verfügung ze stellen. Déi Investitioune sinn absolut noutwendeg an dréngend a stellen insgesamt 1,7 Milliarden aler Frang, oder 42,8 Milliounen Euro duer. Mir hoffe mam Rapporteur, dass d'Aarbechte schnell realiséiert ginn, an dass endlech déi Moderniséierung ka kommen, déi enger Kannerklinik an engem räiche Land digne ass.

Ech sinn och frou, dass de Rapporteur selwer drop higewisen huet, dass een net elo soll Scholdzouweisunge maachen, firwat dass 1999 nëmmen 300 Millioune virgesi waren. Dat ass e bësse méi komplex, wéi dass ee seet d'Finanzéierungsgesetz hätt deen dote Projet vernoléissegt. Fazit ass, an de Rapporteur huet et selwer gesot, dass zu deem Zäitpunkt wou d'Finanzéierungsgesetz opgestallt ginn ass, kee konkret Konzept virlouch an et deemools och relativ schwéier gewiescht wär fir dat exakt virauszeschätzen.

Ech sinn der Meenung, dass mer dat elo gemaach hunn, an dass et och richteg ass, dass mer deen dote Projet esou séier wéi méiglech virundreiwen. Ech si selbstverständlech och d'accord mat de Mëttelen, déi fir d'Mise en sécurité vun der Maternité virgesi sinn am CHL. Et ass och richteg, wéi de Rapporteur hei ënnerstrach huet, ginn net nëmme bahnbriechend nei Projeten op de Wee geluecht, mä et sinn eng Rei vu finanzielle Moossnamen noutwendeg fir déi Projeten, déi scho fäerdeg gestallt sinn, och à bon port ze bréngen, am Klortext Enveloppen nozereeche fir Projeten, déi eigentlech scho fäerdeg sinn, wou ee sech d'Fro ka stellen, ob mer an Zukunft eis net sollen eng Methodik ginn, dass mer net après coup régulariséieren, mä dass mer, wann Dépassementer sech ukënnegen, och dann eng Prozedur sollen aleeden, fir d'Chamber mat anzebannen a fir zumindest ze hannerfroen, ob all Dépassementer berechtegt sinn.

Ech mengen, de Minister weess dat selwer am beschten, dass heiansdo Faits accomplis geschafe ginn - ech kommen herno nach eng Kéier dorop zréck -, an dass et dann herno schwéier ass fir Neen ze soen, well jo jiddereen hei am Haus d'accord ass, dass et am Intérêt vum Patient ass an et dann ëmmer ganz schwéier ass fir géint de Stroum ze schwammen an ze soen, dat do ass noutwendeg, an dat do ass net noutwendeg.

Eng Enveloppe gëtt nogereecht fir d'Häerzchirurgie, wou Dépassementer an der Héicht vun 130 Millioune virgesi sinn. D'Dr-Bohler-Klinik, déi um Kierchbierg nei gebaut soll ginn, brauch 140 Milliounen aler Frang méi, wou och an den Diskussiounen an der Kommissioun kloer gestallt ginn ass, dass d'Dr-Bohler-Klinik d'selwecht behandelt gëtt wéi all déi aner Spideeler, wéi öffentlech Spideeler a wéi privat-öffentlech Spideeler, dat heescht d'Famill behält déi Gebailechkeeten, och wa se den Terrain muss bezuelen. Ech muss lech soen, dass ech eigentlech eng Rei vu Problemer mat där Approche hunn, well dat do e rengt Privatverméigen ass an een zumindest hätt misse kënnen driwwer diskutéiere wéi am Fall vun enger regelrechter Privatklinik dat do ze handhabe gewiescht wär.

Da wichteg, déi Décisioun war séngerzäit richteg fir de Radiotherapie-Zentrum zu Esch beim grousse Spidol ze maachen. Dir kënnt lech alleguer drun erënneren, dass mer vill Diskussiounen, och Siten-Diskussiounen am Zesummenhank mat deem Radiotherapie-Zentrum haten. Et huet sech bewisen, dass déi Siten-Diskussiounen net berechtegt waren, an de Centre Baclesse zu Esch huet sech excellent entwéckelt. Elo kann ee soen: Hätt een et net vun Ufank u méi grouss misse bauen? Hätten an Hate waren zwee aarmer Staten. Tatsaach ass, dass mer kënne frou sinn, dass deen Investissement richteg war, an dass mer elo um Punkt si fir mussen den Zentrum ze vergréisseren. Och do gëtt dann déi noutwendeg Enveloppe nogereecht.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Et ass also, wéi gesot, deen éischten Deel vun enger Serie vun Amendementen um Finanzéierungsgesetz. Et wäerte weiderer nokommen an och do gëllt de Prinzip, dass mer schnell sollen déi Enveloppen noschécken. De Minister weess, dass hie viru sechs Méint ugekënnegt hat, dass mer eigentlech elo scho misste kënnen iwwert déi zweet Serie vun Amendemente vum Finanzéierungsgesetz ofstëmmen. Bon, den Zäitplang huet sech liicht verschoben, esou dass mer am Moment iwwert déi éischt ofstëmmen, an dass déi zweet nogereecht gëtt.

Normal ass et och, dass bei dëser Geleeënheet driwwer diskutéiert gëtt, ob e Finanzéierungsgesetz de richtege Wee war, oder ob mer bei all eenzelnem Projet hätte missen e Gesetz stëmmen. Ech wëll mat e bëssen Détachement dozou soen, an do ginn ech mengem Virriedner Recht, dass een net eng allgemeng bindend Äntwert dorop ka ginn an net mat Jo a mat Neen äntwerte kann. Déi zwou Positioune waren ze verteidegen.

Den Avantage, an dat soe mer haut bei deenen Désavantagen, déi mer elo gesinn, vun engem Finanzéierungsgesetz war, dass déi Projete schnell, zügeg konnte realiséiert ginn, a wa mer haut zréckkucken, wat awer trotzdeem zënter 1999 an der Spidolslandschaft geschitt ass, kann een net soen, dass näischt geschitt ass. Ech wëll nëmmen drun erënneren, dass mer an e puer Deeg oder an e puer Wochen dat grousst Spidol um Kierchbierg wäerten opmaachen. Zu Esch ass extrem vill passéiert. Zu Eech ass extrem vill passéiert. Op ganz villen anere Plazen, beim St Louis zu Ettelbréck ass extrem vill passéiert.

Bon, elo kann ee soen, wa mer eenzel Projete gemaach hätten, da wär et vläicht net zu deenen Dépassementer komm, wat awer nach ze beweise wäert sinn, well mir wäerten dat hei elo an der Praxis gesinn. Wa mer déi eenzel Projeten elo stëmmen, da géif ech bal eng Wett dofir agoen, dass mer bei deene Projeten, wou mer mengen, si wäre méi ausgefeilt, a véier oder fënnef Joer erëm eng Kéier wäerten do stoe fir déi eng oder déi aner Enveloppe nozeschéissen.

D'Finanzéierungsgesetz, bei allen Appréhensiounen, déi ee konnt hunn an déi och de Statsrot hat, huet de Verdéngscht, dass bluttnoutwenneg Infrastrukturen um Terrain entstane sinn.

A wann da sollt eng Responsabilitéit ze verdeele si fir Dépassementer mat deene mer elo konfrontéiert sinn, dann ass et zumindest eng Responsabilité partagée, well eng Rei vun Dossiere vun deenen eenzelne Spideeler net esou ficeléiert ware wéi se hätte misse ficeléiert si fir 100%eg budgetär am Rumm ze sinn, well an der CPH déi Projeten esou duerchgaange sinn, well deemools de Finanzminister vläicht an enger Impressioun, dass d'Beem net géifen an den Himmel wuessen, och um Spidolsfinanzdossier en Deckel drop hat, wou gesot ginn ass mir sollen et net an dat Extreemt steige loossen. Mir kënnen nach där Responsabilitéite fannen, mä et notzt eis eigentlech net vill, wa mer no hanne kucken am Spidolsdossier. Mir sollen am Spidolsdossier wierklech no vir kucken.

***(Interruption)***

Och beim Rehazenter an ech kommen do herno ganz kuerz drop zréck mat enger Positioun, déi lech wahrscheinlech iwwerrasche wäert, mä mech net esou, well mer einfach konsequent mat eis bleiwe wäerten.

**M. Lucien Weiler** *(CSV).*- Dat ass awer ganz nei.

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV).*- …sidd Dir dann net d'accord mat deem wat ech gesot hunn, Här Di Bartolomeo ?

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Bon, mir waarden am Moment dann op déi zweet Serie vun Amendementen, wou et ëm d'Dépassementer bei der Clinique St Louis geet, wou de Gemengerot vun Ettelbréck jo en Emprunt huet missen ophuelen an Héicht vun enger aler Milliard vu Frangen, wou mer elo an der Kommissioun gesot kritt hunn, dass déi Dépassementer net esou héich wäerte sinn.

Dat wäert de Gemengerot freeën an dat freet selbstverständlech och d'Verwalter vun de Fongen. Och do muss ee soen, dass een dru wënnt, wann Dépassementer sech ukënnegen, an hei sinn se relativ important, fir dann eng Prozedur anzeleeden, fir dass d'Genehmegung vun deenen Dépassementer ka gemaach ginn.

Wann ee kuckt, wat um Kierchbierg entsteet, esou sinn déi Dépassementer sécher net extrem bei dem Spidol um Kierchbierg. Beim Rehazenter, dee jo och soll Objet si vun der zweeter Serie vun Amendementen, gëtt den Dépassement beträchtlech. Dir kënnt lech erënneren, dass de Chiffer, deen no der Ausschreiwung erauskomm ass, bei 1,7 Milliarden aler Frang louch. Mir landen elo bei 3,6 Milliarden aler Frang, bal bei 90 Milliounen Euro.

Ech wëll lech soen, dass mir och beim Rehazenter verlaangen, dass dee Projet ganz séier kënnt an de Minister och ënnerstëtzen, wann hien dat mécht. Mir sinn der Meenung, dass no véier Joer de Rehazenter zumindest awer misst an der Prozedur esou wäit si wéi e viru véier Joer war. Dat ass jo näischt Onméigleches verlaangt. Am Moment ass en nach e Stéck do dovun ewech. Also, wann ech glift maacht den Dépôt vun den Änderunge vum Finanzéierungsgesetz, fir dass mer en dann och dohi setzen, wou e laut Décisioun vun der Regierung soll hikommen, op de Kierchbierg an net op Diddeleng, well am Finanzéierungsgesetz steet en nach ëmmer zu Diddeleng.

***(Interruption)***

Am Finanzéierungsgesetz vun 1999 steet en nach ëmmer zu Diddeleng, wat dozou féiert, Här Minister, dass déi aarm Geselle vun der Rehazenter-A.s.b.l. mat hirem Verméigen haften, fir de Projet virunzedreiwen. Bei der A.s.b.l. Rehazenter, déi de Projet konzipéiert - an dat ass jo och d'Äntwert op d'Fro vum Här Halsdorf - muss jo alles an der Rei gewiescht si virdrun, well soss hätten net déiselwecht Gestionnairen den neien Zentrum ze managen, déi och de viregten Zentrum ze managen haten. Also muss do alles an der Rei gewiescht sinn.

Ech mengen, dass et awer aus Respekt virun deene Leit noutwendeg wär, dass déi Emprunten, déi hu missen opgeholl gi fir den Zentrum virunzebréngen, iwwert déi normal Fonge fléisse kënnen. Et geet duer, wann d'Finanzéierungsgesetz geännert gëtt.

Also, wann ech glift schnell de Projet deponéieren, fir d'Finanzéierungsgesetz ze änneren! Schnell de Projet deponéieren, dee schonn zënter néng Méint beim Statsrot ass, fir den Etablissement public ze grënnen, wou ech net verstanen hunn, firwat dass d'Chamber deen nach net offiziell deponéiert kritt huet, well mer jo näischt ze verstoppen hunn an et jo kloer ass wat fir eng Décisioune gefall sinn. An da wann ech glift dat Versprieche respektéieren, dass d'Baggeren am Hierscht respektiv am fréie Wanter komme sollen, well mir hunn elo schonn an deene leschte Joren eng hallef Dosen Délaie genannt kritt, wéini dass et soll ugoen.

***(Interruption)***

Här President, ech wollt wann ech glift mäi Saz zu Enn bréngen an da kann den Här Weiler selbstverständlech mer eng Fro stellen.

Well mir sinn elo schonn erëm an därselwechter Period mat deem doten Zentrum wéi mer viru véier Joer waren. Mir komme mam Rehazenter erëm an eng Wahlperiod eran an do kann ee sech dann d'Fro stellen: Wann dann elo par impossible bei deenen nächste Wahlen eng aner Equipe hei géif stoen, géif déi nei Equipe de Site dann erëm eng Kéier a Fro stellen?

***(Interruption)***

Ma voilà, et ass genee dat do, wat ech mer erwaart hunn, dass Der géift soen. Wa mir, Här Weiler, lech an Äre Koalitiounspartner virgeworf hunn, dass Der duerch déi Siten-Diskussioun dozou gefouert hutt, dass e fënnef Joer méi spéit kënnt, an dass en duebel esou deier gëtt, da kënnt Der vun eis jo net erwaarden, dass mer deeselwechte Feeler nach eng Kéier maachen.

***(Interruption)***

Dir waart jo an därselwechter Koalitioun, Här Weiler.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. Lucien Weiler** *(CSV).*- Dir hat de Minister.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Här Weiler, Dir waart an därselwechter Equipe dran.

**M. Lucien Weiler** *(CSV).*- Mir waren net fir d'Santé responsabel.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Dir maacht ëmmer esou wéi wann Dir net dobäi gewiescht wäert.

***(Interruptions)***

**M. Lucien Weiler** *(CSV).*- Dach, hien ass hei am Sall. Den Här Wohlfart war Minister.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Här President, ech wëll weiderfueren. Bei där drëtter Serie vun Amendementen zum Finanzéierungsgesetz kommen nach eng Rei vun décke Brocken op eis zou, zum Beispill den neie Projet Zitha-Klinik, wou d'Enveloppe vun der Zitha-Klinik jo opgebraucht ass a wou eng nei Enveloppe muss nokommen, d'Enveloppe fir d'Diddelenger Spidol, wou de Minister deenen Diddelenger gesot huet si sollen net un dat aalt Spidol rappe goen, mä si sollen am Verbund mat deenen Escher op enger anerer Plaz e fuschneit Spidol bauen, wat och ganz positiv ass.

Ech wollt awer de Minister drop hiweisen, dass et Zäit géif ginn, dass déi Strukturen, déi noutwendeg si fir déi dote Fusioun duerchzezéien, endlech missten aviséiert ginn. Dat gëllt net nëmme fir Diddeleng an Esch, mä dat gëllt och fir d'Kooperatioun zwëschent Nidderkuer an der Ste Marie, wou nei Strukturen noutwendeg sinn a wou déi Statuten oder déi Projets de statut an der Zwëschenzäit zweeanenhalleft Joer an der Prozedur sinn a wou een endlech awer misst eng Äntwert kréie wat fir e Wee, dass ee misst goen.

Et kënnt also mat deenen dote Projeten, mat Nidderkuer, mat der véierter Phas Esch, mat Ste Marie nach Munches op eis duer an duerfir si mer och ganz frou doriwwer, dass d'Kommissioun festgestallt huet, dass d'Investitiounen an d'Spidolsstrukturen absolut Prioritéit missten hunn, an dass et och esou misst sinn, dass d'Regierung déi Feststellung, déi se an hirer Regierungserklärung gemaach huet, misst fale loossen, dat heescht, dass déi nei Projete wéi se am Plan hospitalier virgesi sinn, net däerften d'Enveloppe sprengen, déi an deem viregte Plan hospitalier virgesi war. Dat heescht am Kloertext, dass déi Mëttelen, déi gebraucht ginn, mussen zur Verfügung gestallt ginn.

Do muss een allerdéngs elo sech esou lues Gedanken driwwer maachen, wat dann déi reell Besoine sinn, well mir kréie mat deene verschiddene Serie vun Amendementen e Stéckwierk virgeluecht an et wär sënnvoll, wa mer e bëssen Transparenz an den Dossier wëllen erabréngen, dass mer eng Aktualiséierung vun de Gesamtdépensë maachen. Esou wéi mäin Informatiounsstand am Moment ass kommen eleng zousätzlech dräi aler Milliarde mat dem Zitha-Projet op eis zou. E ganze Koup aner Projete ginn an d'Milliardenhéicht, esou dass een elo awer misst eng Kéier kënne feststelle wéi héich déi Besoine sinn an a wat fir engem Mooss de Fong fir d'Spidolsgebaier muss an deenen nächste Jore weider gespeist ginn.

Dann, zu der Diskussioun wéi mer se an der Kommissioun gefouert hunn. Den Här Rapporteur huet dat virdru richteg gesot. Mir hunn eng Enveloppe virleie gehat, mä mir hate ganz wéineg Detailer iwwert d'Inhalter virleien. Bis zu där leschter Sëtzung, wou mer de Rapport

verofschidd hunn, wousste mer eigentlech ganz wéineg iwwert d'Inhalter vun deenen dote Projeten. A wann eng Rei vun Amendementen um Finanzéierungsgesetz nach nokommen, da wäre mer ganz frou, wa mer mat den Enveloppen och konkret Projete kéinte virgeluecht kréien. Dat mécht d'Diskussiounen an der Kommissioun e bësse méi einfach.

Well mer déi eenzel Projeten net wollte blockéieren, hu mer dem Här Rapporteur Vertraue geschenkt. Hien huet jo och an der Zwëschenzäit eng Rei vun Elementer nogereecht.

**M. Lucien Weiler** *(CSV).*- Dat war 1999 awer och esou mat den Detailer.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Wësst Der, Här Weiler, Dir maacht ëmmer esou wéi wann Dir ni an der Regierung gewiescht wäert.

**M. Lucien Weiler** *(CSV).*- Ma neen, den Här Wohlfart huet de Projet deponéiert.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Dir maacht Geschichtsfälschung. Dat war scho laang virdrun.

Ech kommen zum Schluss. Mir sinn hei zwar amgaang déi noutwendeg Enveloppen zur Verfügung ze stelle fir d'Spidolsneibauten, fir d'Depassementer vun den Investitiounen, fir déi op null erëm ze stellen, mä et geet awer sécher net duer, dass mer am Spidolswiesen nëmmen an d'Gebailechkeeten investéieren.

Et ass virdru scho richteg drop higewise ginn, dass mer beim Gesetz iwwert d'Etablissements hospitaliers eng Rei vu Reglementer virgesinn hunn dee Moment wou mer am Rahme vum Plan hospitalier déi eenzel Servicer autoriséieren. Do wär ech ganz frou, wa mer gewuer géife ginn, wou mer mat der Autorisatiounsprozedur fir déi eenzel Servicer dru sinn, dass wa mer d'Servicer autoriséieren och eng Dotation minimale en personnel ginn, fir deene Servicer d'Méiglechkeet ze ginn, fir optimal kënnen ze funktionéieren, an d'Budgetiséierung oder d'Verdeelung vum Personal net reng der Union des caisses de maladie iwwerloossen.

Ech begréissen, dass vu ville Leit an der Zwëschenzäit gesot gëtt, dass fir de Patient näischt ze deier ass. Dat ass e gudde Prinzip. Et muss een allerdéngs dat op alle Plazen duerchzéien. Den Här Halsdorf huet drop higewisen, dass bei der Dotatioun vun den aktive Better sech eng Rei vu Problemer stellen, wou d'Leit een drop opmierksam maachen.

Ee vun deenen, déi ech am akutesten ëmfannen, ass deen, wann eeler Leit aus akute Better erauskommen, dass se esou séier wéi méiglech sollen d'Spidol verloossen, well se akut Better besetzen. Dat ass heiansdo ganz dramatesch, wa keng Fleegeplazen zur Verfügung stinn, an do ass och ganz wéineg Versteesdemech bei de Leit.

Dat heescht, wa mer den Intérêt vum Patient eescht mengen, da musse mer do net bei de Maueren ophalen, mä da musse mer beim Inhalt weidergoen an dofir suergen, dass eng Continuité des soins garantéiert ass. Dat heescht, wann ee Patient net méi an déi eng Infrastruktur eragehéiert, da musse mer dofir suergen, dass hien eng Plaz an enger anerer Infrastruktur kritt, an hien net, wéi ech virdru gesot hunn, eraus kieren, well den Drock op d'Spideeler do ass fir d'Durée moyenne de séjour esou déif wéi méiglech ze halen.

Dann e lescht Wuert, wa mer schonn iwwert d'Qualitéit an eise Spideeler schwätzen, iwwert déi medezinesch Installatiounen a selbstverständlech d'Personal. Mat den Dokteren, Här Minister, hutt Der jo offensichtlech eng Eenegung fonnt, wat d'Adaptatioun vun hiren Tariffer ugeet. Mat dem Personal steet e Konflikt an d'Haus. An Här Minister, wann Dir och am léifste kee Vertrieder an de Verwaltungsréit vun de Spideeler hätt, hutt Dir se nach dran am Moment a se hu mat gespillt an deem Sozialkonflikt, doduerch dass se sech géint de Kompromëss, deen am Ufank ausgehandelt gi war, ausgedréckt hunn. Esou laang wéi de Vertrieder do ass muss de Vertrieder jo dann och Stellung bezéien, an da wär et net schlecht, wann hie sech géif mam Minister koordinéiere fir déi richteg Positioun anzehuelen.

Als Konklusioun, d'accord mat de Modifikatioune vun dem Finanzéierungsgesetz op all deene Projeten, déi haut virgeluecht gi sinn. Mir waarden op déi zweet Lëscht vu Modifikatiounen a mir waarde virun allem drop, dass déi Projeten, op déi mir elo an der Zwëschenzäit scho véier Joer waarden, net nëmme mam Finanzéierungsgesetz hei ofgeséchert ginn, mä dass endlech och an der Praxis d'Baggere kënne rullen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

**M. Niki Bettendorf** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur Marco Schroell merci soe fir säi schréftlechen a virun allem fir säin excellente mëndleche Rapport. Keen heibanne weess besser wéi hien iwwert d'Spidolsinfrastrukture Bescheed, wéi an de Spideeler geplangt gëtt an och wéi d'Prozedure sinn, déi et dem Stat erlaben um Finanzement ze participéieren, wat d'Modernisatioun, den Aménagement an d'Konstruktioun vun de Spideeler ubelaangt. De Rapporteur huet sech natierlech ganz strikt neutral gehalen. Als Spriecher däerf hien awer e bësse méi wäit aushuelen.

Meng zwee Virriedner, de Kolleeg Halsdorf an de Kolleeg Mars Di Bartolomeo, hu verschidde Punkten ugeschnidden iwwert déi ech och net kann einfach ewechkucken. Fir d'alleréischt ass niewebäi de Bréif vun der Zitha-Klinik ugeschwat ginn, dee mer kruten, an déi e bëssen traureg sinn, dass se net an dësem Jet dobäi sinn. Et muss een awer soen, dass d'Zitha-Klinik déi 800 Milliounen, déi se am viregte Finanzéierungsplang zegutt hat, opgeschafft huet, an dass se elo en neie Plang eraginn huet.

Si soen an hirem Bréif, dass dee Projet scho vum CPH aviséiert gi wär, mä wat se eis net soen an hirem Bréif, dat ass, wat an dem Avis vum CPH steet. Op alle Fall huet deen Avis et mat sech bruecht, dass se mussen hire Projet nei iwerschaffen. Si hu gesot, dee kënnte se eréischt den 23. Juli an d'Santé eraginn. Well dat esou ass, kënnen se natierlech net an dësem Jet dobäi sinn. Ech verstinn d'Kolleegen aus der Zitha-Klinik, mä si mussen awer och d'Prozedure verstoen an dass et muss der Rei no funktionéieren.

De Mars Di Bartolomeo huet eng Remarque gemaach, déi ech deelen. Hien huet geschwat vun der Approche, déi déi viregt Regierung hat bei der Clinique Dr Bohler, wou déi wuel den Terrain um Kirchbierg hu misse kafen awer Propriétaire bliwwe si vun hire Gebailechkeeten. Ech denken do net nëmmen un d'Clinique Dr Bohler, mä ech froe mech wéi deemools verhandelt ginn ass mat de Congrégatiounen, déi jo awer och Propriétaire bliwwe si vun de Gebaier vun der Ste Elisabeth an dem St François. Dat ass eppes, wat ech net verstinn. De Minister Wagner war deemools net an der Regierung. Aner Leit heibanne wësse vläicht do besser Bescheed wéi ech, awer ech hunn dat eng droleg Approche fonnt an et huet bis haut nach kee mer doriwwer Explikatioune ginn.

Ech muss Iech och soen, dass ech am Fong geholl meng Ried vun haut hätt kënnen ewechgeheien, well ech hat mir däermoossen Attacke vum Mars Di Bartolomeo virgestallt, awer hie war haut esou zahm, esou fein.

***(Interruption)***

Dir mengt, hie wär haut ganz staatsmännesch gewiescht. Dat ass richteg. Ganz ongeschuer wäert hien awer net dovu kommen.

Fir d'éischt wëll ech eppes soen a menger Qualitéit als President vun der Santéskommissioun. Et gouf mir ee Moment virgehalen, dass de Rapport, dee mer ofgestëmmt hunn, eréischt een Dag virdru bei den Deputéierten ukomm ass, also een Dag ier mer an der Chamberkommissioun doriwwer ofgestëmmt hunn.

Ech muss awer soen, dass ech d'Chamberkommissioun gefrot hunn, ob mir géifen doriwwer ofstëmmen oder ob mir géifen no zwee, dräi Deeg nach eng Kéier zesummekommen. Do waren awer d'Memberen an der Kommissioun unanimement domat d'accord, dass mer sollten direkt doriwwer ofstëmmen, an doduerjer, Här President, hu mer der Chamber eng ganz Kommissiounssëtzung u Jetons de présence gespuert. An ech mengen, Här President, do sidd Dir mat mir d'accord, dass mer do e gudde Geste vis-à-vis vun der Chamber gemaach hunn.

De Rapporteur huet de Projet explizéiert an drop higewisen, datt et am Fong eng éischt Serie vun Adaptatioune vum Gesetz vum Mee 1999 ass, wou d'Projeten haut konkretiséiert ginn, déi 1999 zwar net sprochräif waren, déi awer gestëmmt goufen. Haut genau wéi 1999 fannen ech et nach ëmmer net gutt, datt 1999 siwe Projeten ofgeseent goufen, déi deemools net sprochräif woren, wou keen Avis vun der Commission permanente pour le secteur hospitalier virlouch, dat eenzegt Organ, wou d'UCM mat um Dësch sëtzt, eng UCM, déi jo awer 20% vun dem Invest a vun de Fonctionnementskäschten droe muss.

Wéi ech deemools meng Bedenken ugemellt hunn, do krut ech ës vu mengem Kolleeg Süddeputéierte Mars Di Bartolomeo. Hien huet mer gesot, ech géif lamentéieren, ech géif bluddeg Tréine kräischen, an ech muss him soen, Här President, ech hunn net lamentéiert an ech hunn och net gekrasch, mä ech hu Recht behalen.

Well dat Gesetz net komplett war, dofir si mer dann haut hei an de Kolleeg versicht haut schéin ze ëmschreiwe wiem seng Schold, dass dat ass. Mir sichen net wiem seng Schold et ass, wiem seng Schold, datt et net ass, dat ass ganz léif, wéi hien dat gemaach huet, mä deemools wéi mir dat hei gesot hunn, do goufe mer am Fong geholl e bësse fir domm gehalen, an dat hunn ech net esou richteg verdroen.

Ech weess ganz einfach, dass d'Kanner gären dat Spill spille vum Raiber a Gendaarm. Deen een Dag sinn déi eng Kanner déi Gutt an déi aner sinn déi Béis, a gewéinlech ginn dann deen aneren Dag d'Rolle gewisselt, ganz oft wéi an der Politik, wou een emol aus der Majoritéit an d'Oppositioun kënnt a wou ee vun der Oppositioun an d'Majoritéit kënnt. Mä wa bei de Kanner dat och e Spill ass, mengen ech awer, dass d'Politik kee Spill ass a mir mussen an eisen Approchen als Politiker crédibel bleiwen, an dat souwuel, ob mer an der Majoritéit oder an der Oppositioun sinn.

Ech ginn net op d'Geschicht vum Rehazenter an. De Jean-Marie Halsdorf huet gesot, dass et schonn 22 Joer hier sinn, wou zu Hamm an zu Mondorf an dann hei an dann do sollt gebaut ginn. De Rehazenter steet haut net zur Diskussioun. Dofir ginn ech och haut net dorop an, mä wann d'Geschicht vum Rehazenter eng Kéier geschriwwe gëtt, wa se esou wäit fäerdeg ass, da wäert ech mer erlabe ganz gären dorobber zréckzekommen.

***(Interruptions diverses)***

Ech hunn op alle Fall wëlles nach dran ze bleiwen.

Wat mech besonnesch freet bei dësem Projet, dat ass d'Modernisatioun vun der Kannerklinik. Dat hu meng Virriedner och scho gesot. Déi ganz Modernisatioun kascht elo 42,8 Milliounen Euro, an dat sinn 1,712 Milliarden al Lëtzebuerger Frang.

Ech spillen also nach net eng Kéier d'Spill vum Raiber a Gendaarm an ech maache keng Scholdzouweisungen, mä et war awer esou, dass der Kannerklinik nëmmen 300 Milliounen zougestane gi sinn, an dass du gesot ginn ass, mä dann débrouilléiert lech, méi ass elo net do.

Richteg ass, dass den initiale Betrag, deen an de Spideeler sollt investéiert gi vun 1989 un, praktesch ëmmer deeselwechte war. Ech weess, dass 1989 gesot ginn ass, mir investéieren 20 Milliarden. 1994 waren et nach eng Kéier 20 Milliarden, déi sollten investéiert ginn, an 1999 waren et, nodeems zwar e bëssen investéiert gi war, nach ëmmer nëmmen déi 20 Milliarden. Et brauch eis also net ze wonneren, dass et effektiv mat deene Pläng, déi deemools virlouchen, net duer gaangen ass.

Ech muss soen, an der Zwëschenzäit si ganz vill Spideeler ëmmer méi vétuste ginn, a besonnesch d'Kannerklinik ass haut an engem lamentablen Zoustand. D'Kanner si beim Verdeele vum Kuch am schlechtsten ewechkomm, an dofir ass et ëmsou méi ze begréissen, dass elo net gespuert, mä dass elo Neel mat Käpp gemaach ginn. An an der Santéskommissioun si mer net midd ginn, d'Oppositioun an d'Majoritéit zesummen, ze fuerderen, dass hei soll Remedur geschafe ginn. Dat geschitt elo an doriwwer freeë mer eis.

Datt zur gläicher Zäit d'Maternité de Sécherheetsnormen ugepasst gëtt ass och als positiv ze betruechten.

Den zweete Projet, deen ech nach wëll ervirsträichen, ass d'Vergréisserung vum nationale Radiotherapie-Zentrum François Baclesse zu Esch. Och hei spillen ech net Raiber a Gendaarm a maache Scholdzouweisungen, firwat dass elo kuerz no der Aweiung de Centre schonn ze kleng ass, dass keng Kapassitéite méi do sinn. Ech sträiche just d'Wichtegkeet vun dësem Zenter fir d'ganzt Land ervir an ech begréissen de Fait, dass hei esou schnell reagéiert gëtt an zousätzlech Sue fir d'Vergréisserung zur Verfügung gestallt ginn, an dass dann och an deen Zenter Leit aus der Groussregioun kënnen dohinner komme fir gefleegt ze ginn, ass fir eis Medezin eng ganz gutt Saach.

Op déi dräi aner Projeten, déi nach an dësem Deelfinanzéierungsgesetz dra sinn, d'Clinique Dr Bohler, d'Eecher Klinik an den INCCI, den Institut national de chirurgie cardiaque et de cardiologie interventionnelle, ginn ech net weider an. Meng Virriedner hunn dat scho gemaach.

Ech ka mer dat elo spueren, mä Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op eppes wëll ech awer nach hiweisen, wat all dës Projete gemeinsam hunn. Si gi vill méi deier wéinst zousätzlechen Oploe vun der Inspection du Travail et des Mines. Dat ass net eleng bei de Spideeler esou, mä bei allen öffentlechen an awer och private Gebaier. Hei stëmmt eppes net méi. Dovunner sinn ech iwwerzeegt, net well d'Sécherheetsvirschréften net richteg oder wichteg wieren, am Géigendeel, si si ganz wichteg, wa se zur richteger Zäit beim Plange vum Gebai an d'Pläng kënnen afléissen.

Leider komme vun der ITM ëmmer zousätzlech Oploen en cours de route, an dat kascht deier, vill méi deier ewéi wann d'Oploe vu virera bekannt wären, wa se vu virera kënnte beim Plange mat ageplangt ginn.

Hei hu mer et mam Fonctionnement vun der ITM ze dinn, an den zoustännege Minister, den Här Biltgen, huet doriwwer eng Etüd beim BIT erstelle gelooss. Nei Orientéierungen an der ITM mussen eis um Häerz leien. Et mussen nach genuch Leit disponibel si fir preventiv kënnen ze beroden. Et kann net esou weidergoen, dass en cours de route ëmmer erëm nei Oploe gemaach ginn. Dat gëtt oft als Willkür ugesinn an et muss ee sech och oft froen a wat fir enge gescheite Bicher verschidde Virschréfte stinn. Dat kascht de Stat, dat kascht d'Gemengen, d'Wirtschaft an och de Privatmann en déckt Stéck Geld. Hei wënschen ech dem Aarbechtsminister eng glécklech Hand bei der Organisatioun oder besser bei der Reorganisatioun vun der ITM.

Här President, et wäert lech net wonneren, dass ech zum Schluss nach den Accord zu dësem Projet de loi vun eiser Fraktioun, der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, bréngen, an ech freeë mech elo schonn op den zweete Projet de loi, dee mer a kierzester Zäit hoffentlech hei an de Plenum kréien, dat heescht de Solde vun deene Projeten, déi 1999 eben nach net fäerdeg waren, mat ënner anerem dem Rehazenter, mat deem mer dann nach wäerten eng ganz gutt Diskussioun kréien, ganz vill Gespréichsstoff, fir dass et sech och rentéiert fir hei flott ze debattéieren.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombera agedroen. Den Här Colombera huet d'Wuert.

**M. Jean Colombera** *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Merci un de Rapporteur, den Här Marco Schroell, fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport.

Ech wéilt gären direkt mat enger Citatioun aus sengem Rapport ufänken: «Durant les 20 dernières années les investissements dans l'infrastructure hospitalière et sanitaire ont été fort modestes.» Wann ech hie gutt verstanen hunn, da wollt hien domadder soen, dass déi sozialistesch Regierungen hirer Aufgab net gerecht goufen, wat an der Kommissioun net contestéiert gouf, well déi ganz sozialistesch Fraktioun huet net géint de Rapport gestëmmt, also war si mat dëser Ausso d'accord.

E schreckleche Retard hu mer do an deene leschten 20 Joer kumuléiert par rapport zum medezinesche Progrès op där enger Säit, mä awer och op där anerer Säit, wann een d'Zuel vun de Leit betruecht, déi krank ginn, well da muss ee feststellen, dass dës Zuel ëmmer méi grouss gëtt, ënner anerem well och keng allze vill effikass Preventivmedezin ugebuede gëtt. Esou gëtt d'Demande u Spideeler a sanitären Infrastrukturen ëmmer méi grouss.

Et ass also logesch, dass de Stat sech prioritär mat dësem Problem befaasse muss, vu dass hien ausser Stand ass eng nei Form vu Medezin, en neit Konzept vu Gesondheetswiesen auszeschaffen. Mam Gesetz vum 21. Juni 1999 iwwert de Finanzement vun de Spideeler ass e wichtege Schratt ageleet ginn. Mat deem heitege Projet gëtt d'Enveloppe fir fënnef verschidden Infrastrukturen erweidert. Et ass net déi éischte Kéier an och net déi

leschte Kéier, dass déi initial Ausgangsenveloppe net duer geet, well ënner anerem nei Erkenntnisser erauskomm sinn oder nei Fuerderunge vun der Inspection du Travail et des Mines operluecht goufen. Heiriwwer kéint ee laang diskutéieren.

Schued ass et awer, dass bei der Planung alles méi iwwerflächlech gesi gëtt. Esou ginn an dësem Projet zum Beispill eppes méi wéi véier Milliounen Euro fir d'Sécherheet vun der Maternité virgesinn, et gëtt awer parallell am Rapport festgehalen, datt mëttelfristeg wéinst dëse sou genannte Sécherheetsgrënn eng nei Maternité gebaut muss ginn. Fir den nationalen Institut vun der Häerzchirurgie ginn 3,3 Milliounen Euro zousätzlech gefuerdert. Et gëtt awer festgehalen, dass eng Demande agereecht gouf, fir en ze vergréisseren, well déi verschidde Lokaler ze kleng wären.

An der Eecher Klinik gëtt ënner anerem méi fir Sécherheet investéiert. 1999 soll dat méi large gewiescht sinn. De Centre Baclesse zu Esch, den nationale Zenter fir Radiotherapie, war vu vireran ze kleng a muss elo erweidert ginn. Ech perséinlech mengen, wann een d'Statistike kennt wéi vill Leit kriibskrank sinn, wéi vill Leit all Joers bäikommen a wéi vill dovunner éligibel si fir eng Radiotherapie ze maachen, da misst een awer och capabel si fir direkt déi néideg Infrastruktur op eng adequat Aart a Weis opzeriichten.

Ech sinn net d'accord mam Här Halsdorf, dee gesot huet hie wär zefridden, dass dat géif vergréissert ginn. Menger Ansicht no misst een alles maachen, datt manner Leit op Esch géife goen, dat heescht, dass eng effikass Preventivmedezin géif gemaach ginn,…

***(Interruption)***

…fir dass manner Leit Kriibs géife kréien, Här Di Bartolomeo.

***(Interruption)***

Neen, déi zwou verschidde Saachen.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Dir hutt gesot e wär vun Ufank un ze kleng gewiescht a wann een e vergréissere wëllt, da sot Dir dat wär net dat richtegt. Dat do ass awer de Clou!

**M. Jean Colombera** *(ADR).*- Dat ass net de Clou. Ech mengen, Här Di Bartolomeo, et gëtt Zäit, dass de Rehazenter hei am Land gebaut gëtt, Här Minister, maacht dat wann ech glift, well ech hunn d'Impressioun, dass d'Sozialisten physesch a psychesch nei opgebaut musse ginn. Ech mengen, si wären déi éischt Cliente fir deen Zenter. Här Di Bartolomeo, Dir hutt guer näischt verstanen.

***(Brouhaha général)***

Bei dësem Projet huet een d'Impressioun, dass kee richtegt Konzept an der ganzer Infrastruktur besteet. Et gëtt emol drop lass geschwat, fir eppes um Pabeier ze hunn, fir de politesche Géigner roueg ze halen an duerno gesäit een, dass hei an do eppes feelt.

Zum Beispill haten déi Responsabel vun der neier Ettelbrécker Klinik vergiess fir d'Better mat anzerechnen. Dat ass wierklech e staarkt Stéck! Wa mer grad vun der neier Ettelbrécker Klinik schwätzen, déi am Oktober d'Dieren opmaache soll, da sollen hei nach 13 oder 23 Milliounen Euro vun der Chamber genehmegt ginn. Et soll dofir en neie Gesetzesprojet geschriwwe ginn awer et weess nach keen, ob 13 oder 23 Milliounen Euro an d'Gesetz sollen ageschriwwe ginn. Datselwecht gëllt fir dat neit Spidol um Kierchbierg a fir de Rehazenter. Hei feelt eng gesetzlech Basis obschonns déi nei Klinik um Kierchbierg och gläich d'Dieren opmaache wäert.

Ënnert der Rubrik vun der onlogescher Finanzpolitik vun de Spideeler muss een och d'Zitha-Klinik erwähnen, déi weder am éischten nach am zweete Projet zitéiert gëtt. Mir wëssen alleguerten, dass an dëser Klinik munchmol Renovatiounsaarbechten duerchgefouert musse gi mat engem Impakt vun 80 Milliounen Euro iwwer aacht bis zéng Joer. Eng Ënnerstëtzung vun der Zitha-Klinik ass noutwendeg eleng schonns, well 1993 dës Klinik keng Finanzsprëtz kritt huet. Ëmsou méi misst een hei intervenéieren, well mir däerfen et net zouloossen, dass eng Klinik, déi vu ville Leit als eng gutt Klinik ugesi gëtt, an den nächsten zéng Joer weider am Reen stoe gelooss gëtt. Op jidde Fall huet d'Kommissioun vum Spidolssecteur den 8. November 2002 e favorablen Avis fir d'Modernisatioun vun der Zitha-Klinik ofginn, dee vun der Regierung berücksichtegt misst ginn.

Egal wien elo fir dës gewollten oder ongewollte Pannen zoustänneg ass, iergendeppes klappt hei net an et ass gewosst all Dag ginn d'Saache méi deier. All Pann, déi entsteet, muss vum Steierzueler berappt ginn. Eppes muss awer geschéien, sief et bei den zukünftege Bauherren oder sief et bei der Inspection du Travail et des Mines, den Här Bettendorf huet dat scho gesot.

Déi Saach muss vun der Regierung aneschters ugepaakt gi wéi elo. Mir hoffen als ADR, dass trotz dem finanziellen Enkpass, dee mir an den nächste Joren hu wäerten, de Spezialfong vun der Spidolinfrastruktur nach weider gespeist gëtt fir eben de Finanzement ze garantéieren, net dass iergendee mengt hie misst um Bockel vum Gesondheetswiese spueren.

Zum Schluss wéilt ech Iech nach op e Feeler am Rapport hiweisen. Op der Säit zwee, den Här Schroell huet dat scho gesot, gëtt fir déi Eecher Klinik vun enger supplementarer Enveloppe vu 4.500.000 Euro geschwat, richteg ass 6.625.442 Euro. Domat ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun. Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt fir d'éischt hei dem Rapporteur, dem honorablen Här Schroell, merci soe fir d'Presentatioun an deene fënnef neie Projeten an och vun den Enveloppes financières, déi jo hu missen no uewen ugepasst ginn an déi hien eis hei presentéiert huet: d'Kannerklinik an d'Maternité beim CHL, den Institut national de cardiologie et de chirurgie interventionnelle, d'Moderniséierung vun der Eecher Klinik, den Ausbau vum Centre Baclesse zu Esch an d'Constructioun vun der Clinique Dr Bohler um Kierchbierg.

Als Gréng hu mir mat dëse Projeten u sech kee gréissere Problem, well dës Moderniséierungen absolut noutwendeg sinn an zum Deel, wéi bei der Kannerklinik, längst iwwerfälleg sinn. Mir hate jo nach virun e puer Wochen hei an der Chamber d'Geleeënheet bei enger Debatt op déi gréisser Problemer do hinzeweisen.

Als Gréng kritiséiere mir awer, dass ënnert de vergaangenen CSV/LSAP-Koalitioune 15 bis 20 Joer laang den Zuch vun der noutwendeger Moderniséierung verpasst ginn ass an dofir net nëmmen d'LSAP d'Verantwortung dréit, si hat zwar den zoustännege Minister, mä och d'CSV war mat dran an där Koalitioun. Esou wéi beim laang verschlofenen a verschleeftenen noutwendege Bau vun neie Schoulinfrastrukturen a Lycéeë waren 20 Joer laang also och d'Spidolsinfrastrukturen vernoléissegt ginn, esou datt haut dësen evident groussen Nohuelbedarf besteet, dee mer elo mussen opschaffen, wat eis awer haut sécherlech méi deier kascht wéi wann dat viru fënnef, zéng, zwielef Joer geschitt wär.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn also elo hei eng éischt Serie vu Moderniséierungsprojete virleien. Eng zweet Serie vu Projeten, dorënner de St Louis zu Ettelbréck an déi nei Rehaklinik um Kirchbierg soll jo, hunn ech héieren, scho geschwënn, vläicht nach am Juli oder spéitstens am Hierscht, dann och nach an eis Kommissioun hei virun d'Chamber kommen. Dozou wëll ech Stellung huelen, wann dat dann um Dësch läit.

Ech wëll mer awer am Kontext vun all deenen neie Projeten aus der éischter an aus der zweeter Serie e puer méi kritesch Remarken erlaben. Eng éischt fir ze soen - ech mengen et ass och scho vun engem Virriedner hei gesot ginn -, dass et awer gutt gewiescht wär, wa mer schonn an der Kommissioun selwer méi inhaltlech Preziséiounen zu deenen eenzelne Projete virleie gehat hätten. Dat war leider net de Fall. Verdeierungen duerch méi héich Sécherheetsoplage vun der ITM ass eng Saach, eng méi genau Beschreiwung vun eventuellen inhaltlechen Neierungen eng aner, déi bei esou groussen Investitiounsprojeten awer sënnvoll wär, fir dass ee sech iwwerhaapt e seriöt Bild kéint doriwwer maachen.

Zum zweeten ass dem Statsrot senger Kritik, dass hie bei esou grousse Montante léiwer eenzel Gesetzesprojete fir jidder eenzelne Fall vu Klinik gehat hätt, op jidde Fall prinzipiell zouzestëmmen. Dat hätt eventuell als Nodeel - ech mengen dat ass och scho vum Här Di Bartolomeo gesot ginn -, dass wann een d'gesetzlech Prozeduren heifir kennt eenzel Projeten, déi ganz urgent sinn awer vläicht méi laang nach hätte kënne verschleeft ginn, esou dass mer dann aus pragmatesche Grënn géint eis prinzipiell Bedenken dëser Prozedur awer kënnen zoustëmmen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt awer och nach op zwee Aspekter agoen, déi fir eis vun zentraler Wichtegkeet sinn an déi ech a Form vu Froen hei wéilt opwerfen. Den éischten Aspekt bezitt sech op de Statut vun de Spideeler, op d'Gestioun an op d'Kontrollméiglechkeete vun den Investitiounsofleef a vun de Montante vun neie groussen Investitiounen.

Eis Spideeler hu bekanntlech aus der historescher Entwécklung eraus ganz ënnerschiddlech Statuten: kommunal Spideeler, Fondatiounen, A.s.b.l.en an esou virun. Déi Acteuren, déi do lokal present sinn, hunn evidenterweis dofir och ënnerschiddlech Kompetenze fir Investitiounsdossieren ze beschléissen, ofzeweckelen an ze kontrolléieren. Mir haten dofir jo och an der rezenter Vergaangenheet nach esou munch onrühmlech lokal Beispiller. Ech denken zum Beispill un Déifferdeng oder rezenterweis un de St Louis zu Ettelbréck, wou déi Responsabel beim Opstelle vun hiren Investitiounsdossiere scheinbar elementar Finanzéierungsbesoinen, wéi zum Beispill de ganze Mobilier, einfach vergiess haten.

Wann also d'Enveloppë fir déi eenzel Spideeler oder Zentren elo nei no uewen adaptéiert musse ginn, esou schéngt dat op jidde Fall net iwwerall eleng op méi streng Sécherheetsnorme vun der ITM zréckzeféieren ze sinn. A well et do jo awer deelweis ëm ganz grouss Zommen, an dat si Steiersuen, geet stellt sech an eisen An eben och d'Fro vun adaptéierten neie Statuter vun deenen Haiser. D'Regierung misst an eisen Aen, fir dass et net nach zu weidere Pannen a Gaspillagë vun öffentleche Gelder ka kommen, dës Statuter mat méi kloer definéierte Kaderbestëmmungen an Oplagen ëmginn.

Ee Moyen dofir ass sécherlech d'Presenz vun engem Regierungsvertrieder an alle Verwaltungsréit. Dat wär an eisen An noutwendeg an dat ass de Contraire vun deem wat Dir virdru gesot hutt, dass Der gesot hutt, dass Dir éischter wéilt aus dem Escher Conseil erausgoen. Mir sinn der Meenung, dass an alle Spideeler, wou esou investéiert gëtt, wou et ëm esou vill Sue geet, d'Regierung soll hir Verantwortung iwwerhuelen an an deene Verwaltungsréit och soll vertruede sinn.

Grad esou sënnvoll am Kontext vun Transparenz a Kontroll wär et an eisen Aen och, datt an deene Verwaltungsréit och misst e Vertrieder si vun der UCM, vun de Krankekeesen, well schliesslech d'Krankekeesen och fir 20% vun den Investitiounskäschte mussen opkommen. Noutwendeg am Sënn vun öffentlecher Transparenz a Participatioun wär et och, dass endlech Patientevertrieder oder Patientevertriederinnen obligatoresch an all Verwaltungsrot misste vertruede sinn.

Dës Patientevertriedunge kënnten engersäits aus Patientevue eng gewësse Kontroll assuréieren a si kënnte gläichzäiteg Uspriechpartner si vu Plaintë vu Patienten an dës Plainten um Niveau vum Conseil d'administration dann erabréngen a versichen ze léisen.

Insgesamt, Dir Dammen an Dir Hären, wéilte mir an dësem Kontext vu Statut, Gestioun a Kontroll och d'Fro opwerfen, ob et net och am Spidolssecteur zum Beispill sënnvoll wär a wichteg wär fir ähnlech Kaderbestëmmungen a Kritäre virzegesinn, wéi et zum Beispill op aneren Niveauen, zum Beispill am ASFT-Gesetz um sozialen an um familljepolitesche Niveau de Fall ass a wéi se do Gültegkeet hunn.

Froe vu Qualitéit a Qualitéitskontroll stellen sech awer net nëmmen um Niveau vun enger seriöer Gestioun an Investitiounspolitik vun eenzelnen Haiser, déi stelle sech och um Niveau vun der Qualitéit vun de Servicer am Intérêt vun de Patienten. Si stellen sech um Niveau vu Qualifikatioun, Weiderbildung a Motivatioun vun de Professionelle vun der Santé, well ouni déi Motivatioun eng gutt Qualitéit net funktionéiere kann.

An da gëtt et aus grénger Vue awer nach weider Qualitéitskritäre, déi am Spidolswiese wichteg a sënnvoll wären. Dat sinn ekologesch a baubiologesch Kritären, wa mer schonn nei Gebaier bauen. D'Spideeler sollen am Intérêt vun de kranke Leit, déi do oft e puer Wochen verbréngen, esou wäit wéi méiglech gesond Spideeler sinn, an dat um Niveau vu baubiologesch einwandfreie Baumaterialien, fir datt mer do keng Problemer mat Asbest, Formaldehyd, Léisungsmëttel an esou viru kréien, déi d'Personal an déi krank Leit géife belaaschten. Gesondheetlech Qualitéitskritäre missten ënner Abezéie vu biologeschen a regionale Produkter och nach vill méi staark gefördert gi beim Iessen, wat an de Spideeler offréiert gëtt. Do schénge wierklech nach ganz grouss Problemer ze bestoen.

Zur Qualitéit vun alle Spideeler géingen och gehéieren esou ekologesch Froe wéi zum Beispill en ekologeschen Offallmanagement, oder Energiemanagement an doran zum Beispill Mesurë vun de Spideeler zum Klimaschutz. Eenzel positiv Mesuren an deem Sënn sinn an deene vergaangene Joren an eenzelne Spideeler op eenzelne Gebitter gemaach ginn. Mir mengen awer, datt dat vill méi global a systematesch misst gemaach an ugaange ginn, zum Beispill duerch Ëmweltmanagementssystemer an duerch regelméisseg Ökobilanen an all eise Spideeler, an all eisen Haiser.

All dës Froe vun enger qualitativ gudder Gestioun, Transparenz a Kontroll vun de Spideeler a vun den Investitiounen, an och all déi aner zitéiert Qualitéitskritären an Ufuerderunge si fir eis Gréng jiddefalls grad esou wichteg wéi de rengen Neibau oder Ausbau vu Gebaier a medezinesche Servicer, an och vill méi wichteg wéi déi zum Deel penibel Polemiken, déi et an der Vergaangenheet haaptsächlech tëschent der DP an der LSAP an dëse Froe gi sinn.

Mir sinn haut selbstverständlech bereet am Intérêt vun der Moderniséierung vun eisem Spidolswiesen an am Intérêt vun de Patienten dës nei Investitiounen ze stëmmen. Op aner Froen, wéi zum Beispill d'Fro vun de Propriétéitsverhältnisser bei öffentlechen Investitiounen a Spideeler, wëll ech zréckkommen, wa mer hei iwwert déi zweet Serie vun neien Investitioune schwätzen, wann déi Enn Juli oder am Hierscht vun dësem Joer virleien.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt awer net ofschléissen ouni ze soen, datt ech hoffen, datt elo geschwënn och endlech Neel mat Käpp gemaach gi mat der Konzeptioun a mam Bau vun där scho vum Här Halsdorf ugeschwatener ëmweltmedezinescher Klinik fir déi mir als Gréng eis zënter Joren agesat hunn a wouriwwer mer hei viru ronn dräi Joer schonn en unanimë Vote geholl haten. An engem globalen ëmweltmedezinesche Konzept ass esou eng stationär Unitéit net nëmmen onverzichtbar, si géif och an engem gréissere grenziwwerschreidende Kontext eng absolut wichteg an nei medezinesch Offer duerstellen, an dem internationalen Image vu Lëtzebuerg sécherlech och méi e sympathescht Gesiicht ginn.

Et soll also och op dësem Gebitt endlech Neel mat Käpp gemaach ginn, an ech hoffen, datt dëse Projet nach dëst Joer ka konzipéiert an eventuell op d'Schinne gesat ginn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. D'Wuert huet den Här Urbany.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Spidolsgesetz vun 1998 gesäit eng Finanzéierung vu bis zu 80% vun den Infrastrukture vun alle Spideeler vir, ob se öffentlech oder privat sinn.

Duerch deen neie Plan hospitalier vun 2001, op Basis vun deem Gesetz, entsteet um Kierchbierg elo dat, wat den Här Huss bei enger Debatt hei emol en Auchan vun der Santé genannt huet. Niewent dat grousst Spidol Hôpital Kirchberg vun der Fondation François-Elisabeth kënnt d'Privatklinik Dr Bohler, déi iwwregens och schonn zum Deel däerselwechter Fondatioun gehéiert, grad esou wéi den öffentleche Rehazenter.

An e puer Deeg ass d'Ouverture vum neie Flaggschëff vum Bistum, dem Hôpital Kirchberg. Et ass keng Zäit verluer gaangen, zënter datt den LSAP-Gesondheetsminister e puer Deeg virun deene leschte Wahlen, am Juni 1999, dëse Komplex autoriséiert huet, während awer op der Géigesäit de Rehazenter emol nach net am Projet virläit.

Här President, mir sollen haut niewent engem Kredit fir de Neibau vun der Clinique Dr Bohler haaptsächlech eng Rei vu Kreditter fir längst iwwerfälleg Investitiounen am öffentleche Spidolssecteur stëmmen. Spéider kommen an engem zweete Gesetz nach weider Investitiounen, déi erëm eng Kéier haaptsächlech private Projeten, niewent dem vir genannte Centre de réadaptation, dinge sollen. Et gëtt iwwregens am Rapport vun der Kommissioun festgehalen, datt déi Haiser, déi bis elo deene privaten Trägergesellschafte gehéiert hunn, mat dem Superspidol um Kierchbierg net iwwerflësseg ginn, mä weidere private Projeten haaptsächlech am Fleegeberäich zougefouert solle ginn.

Et ass eiser Meenung no generell ze befierchten, datt duerch déi Banaliséierung vun der öffentlecher Finanzéierung vu Privatinitiativen de Gesondheetsmaart, ob kuerz oder lang, och op wäert goe fir nach méi gewënnorientéiert Privatubidder am Zesummenhang a mat der Ënnerstëtzung vu privaten Zousazversécherungen oder Rentefongen. Och fir reng kommerziell Ubidder wäert et interessant ginn.

Esou besteet eiser Meenung no de Risiko, datt déi Dekonventionéierung, déi jo konnt bei den Doktere verhënnert ginn, iwwert de Wee vun de Spideeler erëm kann agefouert ginn. Datt ech déi Behaaptung net aus der Loft gräifen, wëll ech domat ënnerleeën, datt ech den Här Halsdorf zitéieren, dee beim Débat vun 2001 iwwert deen neie Plan hospitalier folgend Wënsch un d'Regierung hat: „Wéi eng Méiglechkeete behalen déi eenzel Haiser fir an Zukunft zum Beispill connexe Aktivitéiten ze entwéckelen, Aktivitéiten, déi vläicht net méi vun der UCM rembourséiert ginn? Wou setzt de Minister do d'Prioritéiten?“ An e bësse weider huet hie gemengt: „A wéi enge Maartsegmenter, déi sech elo do an Zukunft opmaachen, wou sech elo schonn Zousazkrankeversécherungen drop stierzen, gëtt et neie Stoff fir d'Spideeler hei zu Lëtzebuerg?“

Dee Wee do, dee menger Meenung no onausweichlech ass, wann net eng Géigewier asetzt, dee Wee gëtt elo schonn zilstrebeg virbereet, net nëmmen duerch déi öffentlech Finanzéierung vu privaten Infrastrukturen, mä och nach iwwer eng Senkung vun der Zuel vun de Spidolsbetter, an domat vum Personal, iwwert den organiséierte Personalmangel an eng gesteigert Aarbechtsintensitéit an de Spideeler, also leschten Enns iwwer eng Senkung vun de Käschte vun der Aarbecht, mat Hëllef vun deenen Enveloppes budgétaires, déi jo d'Krankekeesen un d'Spideeler verdeelen.

De Stat setzt also iwwert d'Gesetzer, iwwer säin Afloss och an der Krankeversécherung, d'Rahmebedingunge fir eng Reduzéierung vun de Käschten am Spidolssecteur. Elo op eemol héiere mer bei der heiteger Froestonn, datt hie sech souguer wëllt aus de Verwaltungsréit vun den öffentlechen Haiser zréckzéien. Mir fannen, datt dat onverantwortlech ass, mä vläicht awer ganz an der Logik ass vun der Politik, wéi se bis elo gemaach gëtt.

Dobäi kënnt, datt déi konkret Ausriichtung vun der Gesondheetspolitik net wierklech hei an der Chamber décidéiert gëtt, well de Plan hospitalier, also d'Planifizéierung vun de Besoinen am Gesondheetssecteur, dat, wat d'Leit interesséiert a wou et wichteg ass, iwwer Règlement grand-ducal geregelt gëtt, an déi heiten Investitiounen, déi mer elo sollen iwwer Gesetz ofseenen, sinn a Wierklechkeet och am Règlement grand-ducal vun 2001 iwwert de Plan hospitalier virewech geholl ginn.

Hei huet de Législateur scho säit längerem abdiquéiert, selbstverständlech och an deene Regierunge virdrun, obschonn d'Verfassung him eigentlech déi Matière vun der Gesondheetspolitik ganz konkret reservéiert. Mir verlaangen dofir endlech eng öffentlech Debatt iwwert d'Spidolsplanifikatioun an iwwert déi reell Besoine vun der Bevölkerung u gesondheetleche Leeschtungen, zum Beispill um Gebitt vun der Preventiv-, vun der Aarbechts- an der Ëmweltmedezin.

Eng Alternativ wier op deem esou wichtege Gebitt vun der Preventivmedezin zum Beispill en Ausbau an eng weider Demokratiséierung vum Thermalbad Mondorf an ähnlechen Ariichtungen, grad esou wéi iwwregens, an dat huet näischt direkt mat de Krankekeesen ze dinn oder mam Gesondheetswiesen, et och ganz wichteg wär fir d'Preventivmedezin fir eng konsequent Aarbechtszäitverkierzung an der Aarbechtswelt anzefiéieren, besonnesch fir déi Beschäftegt am Gesondheetssecteur selwer.

Déi Enquête iwwert d'Aarbechtsbedingungen am Lëtzebuerger Spidolsmilieu, déi d'Chambre des Employés privés am Januar vun dësem Joer duerchféiere gelooss huet, schwätzt eng däitlech Sprooch. Esou gi virun allem déi vill Iwwerstonnen, grad wéi och déi onregelméisseg Aarbechtszäiten als Quell vun deene verschiddenste physeschen a psychesche Beschwerde genannt, wéi och vun enger allgemenger Onzefriddenheet vum Personal. Et gëtt festgestallt vun deene Leit, déi gefrot gi sinn, datt et zu enger Augmentatioun vun der Aarbechtsintensitéit an deene leschte fënnef Joer am Spidolssecteur komm ass. D'Halschent vun deene Gefrotene fannen, datt de Patient an de Spideeler duerch déi aktuell Organisatiounsform vun de Spideeler eng ongenügend Qualitéit vu Fleeg kritt.

Opgrond vun där Enquête hu jo d'Gewerkschaften am Spidolssecteur spezifesch Aarbechtszäitverkierzungen, zum Beispill a Form vun Deelzäitaarbecht, gefrot, besonnesch am Alter, an obschonn ëmmer gesot gëtt Aarbechtszäitverkierzungen däerften net iwwer Gesetz agefouert ginn, mä missten iwwer Kollektivverträg geregelt ginn, war et anscheinend net méiglech där normaler Demande do nozekommen. D'Vertrieder vu Stat a Patronat hunn an deenen zoustännegen Organismen dergéint gestëmmt, déiselwecht, déi och an der Krankekeesenunioun fir d'Rationaliséierung am Gesondheetssecteur a fir héich Participatioune vun de Patienten antrieden.

Ech sinn domat beim Thema mat deem ech meng Interventioun ofschléisse wëll, nämlech wéi d'Spidolswiese finanzéiert soll ginn.

Wéi ass d'Spidolswiesen da bis elo finanzéiert ginn? Éischtens emol iwwert de Wee vun der Krankeversécherung an zweetens iwwert de Wee vun der öffentlecher Hand. Besonnesch d'Krankeversécherung huet zu enger revolutionärer Entwécklung vum Gesondheetsniveau a vum Wuelbefanne vun der ganzer Bevölkerung, an domat och vun hirer Liewenserwaardung gefouert. Si huet iwwregens och dem Gesondheetsecteur selwer erlaabt sech favorabel ze entwéckelen, ouni datt seng Träger a seng Prestataire drop ugewise wären sech no enger zahlungskräfteger Clientèle ëmzekucken. Si konnten esou eng demokratesch Medezin ausüben, an och de Beruff vum Medeziner konnt doduerch wesentlech demokratiséiert ginn.

Solidaritéit an Zesummenaarbecht bréngen d'Gesellschaft weider. Déi neoliberal oder neokonservativ Entwécklung, fir déi iwwregens net eleng nëmmen déi Liberal oder déi Konservativ zoustänneg sinn, zerrappt awer op der Géigesäit d'Gesellschaft a produzéiert eng Explosioun, op där enger Säit vu Räichtum, op där anerer Säit vun Aarmutt, an och eng Explosioun vu Protest a vu Repressioun vun esou engem Protest.

D'Steiere vun de Betriber sinn an 20 Joer ëm d'Halschent reduzéiert ginn, niewent enger Reduzéierung vun de Cotisatiounen. Déi sozial Beiträg an och déi Steiere feele bei den öffentlechen Investitiounen a bei de Krankekeesen. Deen neoliberale Modell ass e Réckfall an d'19. Jorhonnert. Dat gesi mer de Moment ganz däitlech an Däitschland, wou elo déi Lounofhängeg souguer hiert Krankegeld solle selwer bezuelen, dat heescht déi finanziell Risike vun hirer Krankheet, de Lounausfall, solle selwer finanzéieren, an dat mat Hëllef vun enger sou genannter Lénksregierung.

Mir sinn der Meenung, well all Wäert aus der Aarbecht kënnt, hunn déijéineg, déi schaffen, an hir Familljen och e Recht drop en Deel, an en Deel deen ëmmer méi grouss gëtt, vu d'Liewenserwaardung, aus dem Produkt vun der Aarbecht erauszehuelen, fir en direkt der Sécurité sociale zouzefiéieren an en do demokratesch am Interesse vun de Versécherten ze verwalten.

Eiser Meenung no ass déi systematesch Politik vun der Entlaaschtung vum Kapital verheerend. Si huet zu engem däitleche Substanzverloscht vun de Revenue vun der Aarbecht par rapport zu deene vum Kapital gefouert, wéi d'Privatbeamtekummer iwwregens an hiren Avise regelméisseg feststellt a wéi et och aus de Statistiken ervirgeet. Esou eng Politik féiert iwwregens längerfristeg net zu méi Aarbechtsplazen, op jidde Fall net zu méi mënschewierdegen Aarbechtsplazen, well an Europa hëlt de Chômage jo bekanntlech net of.

Et muss erëm zu enger Ëmverdeelung an eng Géigerichtung kommen, och fir der gewuessener Produktivitéit vun der Aarbecht Rechnung ze trieden. Dofir triede mir an, fir eng ganz Rei vu Verbesserungen an der Sécurité sociale a géint Verschlechterungen. An dat kann nëmme solidaresch finanzéiert ginn. Fir et nëmmen e bësse polemesch ze soen, et geet eis net drëm fir méi Yachten a méi exklusiv Residenze fir eng Minoritéit ze bréngen, mä et geet eis drëm fir méi Gesondheet fir all Mënsch ze bréngen an e gläichen Zougank zu där Gesondheet.

Deen heite Projet, an domat wëll ech direkt ophalen, Här President, hëlt nëmme laang Versäumtes no, ouni wierklech demokratesch Kontroll a Matbestëmmung, mat der längerfristeger Gefor vun enger Endsolidariséierung, engem Ausenanerbrieche vun enger eenheetlecher demokratescher Medezin. Well wie kontrolléiert dann d'Gestioun vun de Privatklinicken, déi hei jo gläichgestallt gi mat öffentleche Spideeler, wat d'Finanzéierung ugeet? D'Äntwert hu mer virdru geliwwert kritt. Och déi öffentlech Spideeler solle geschwënn der demokratescher Kontroll vum Parlament a vun der Regierung entzu ginn.

Ech wäert mech trotz alle Bedenken, déi ech hu bei där ganzer Entwécklung virun där mir hei stinn, nëmmen enthale bei deem heite Gesetz. Enthale firwat, oder virun allem net dogéint stëmmen, firwat? Well dat Gesetz hei eng längst iwwerfälleg Investitioun am öffentleche Secteur bréngt, wou mer alleguerten d'accord si fir dat festzestellen, déi dat fir d'Kannerklinik an d'Statsmaternité oder de Centre de radiothérapie ëmmerhin awer virgesäit. Dofir wäert ech mech bei deem heite Gesetz enthalen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

**M. Carlo Wagner,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'éischt emol meng Satisfaktioun ausdrécken, dass, géif ech emol soen, breet duerch de Sall Unanimitéit herrscht iwwert d'Utilitéit vun deene Projeten, déi de Mëtteg zum Débat stoungen. An och wann herno eng Abstentioun wäert dobäi sinn, esou muss ech soe, datt mir trotzdeem eng écrasant Majoritéit fir déi heite Projeten, déi d'une importance extrême sinn, kréien.

Zweetens wëll ech awer och dem Rapporteur, dem honorablen Här Marco Schroell, félicitéiere fir dee formidable Rapport, deen hie gemaach huet. En huet bewisen, dass ee sech net mat Iwwerflächlechem zefridde gestallt huet, mä et war e ganz transparente Rapport, an ech mengen, méi objektiv kënnt en och net sinn. Dat erlaabt et mir och fir net ze vill an d'Detailer vun deene fënnef verschiddene Projeten anzegoen.

Et ass och genuch hei ënnerstrach ginn, dass souguer wann all eenzele Projet selbstverständlech d'une importance capitale ass, et dann trotzdeem awer deen ass vun der Kannerklinik, deen doudsécher de Moment am allernéidegste war, vu dee grousse Retard, dee mer do accumuléiert haten, an effectivement, déi Installatioune ware vétuste, an ech wëll wierklech net op déi Gespréicher vun de leschte Méint oder déi Evénementer vun de leschte Méint zréckkommen. Mä och do, en attendant, konnte mer duerch e ganz flotten a moderne Container op alle Fall Iwwergangsléisunge fanne fir déi nächst dräi, véier Joer, wat d'Bauzäit ass vun der Restauratioun vun der Kannerklinik, mä wéi gesot, en eminent wichtege Projet.

Et kënnt elo selbstverständlech esou schnell wéi méiglech an ech wäert op alle Fall nach virun der grousser Vakanz déi zweet Well vun der Loi de financement am Regierungsrot duerchbréngen. Dat erlaabt Iech och dee Moment, wann Der Loscht hutt, schonn iwwert d'Summerméint, Dir Hären an Dammen Deputéierten, vläicht e bëssen dorunner ze schaffen, wa mer wëlle ganz séier weiderkommen an där Saach.

***(Interruptions diverses)***

Wéi gesot, dat betrëfft souwuel d'Clinique François-Elisabeth, wéi och de St Louis zu Ettelbréck a selbstverständlech a virun allem och de Rehazenter, wou elo éinescht gesot ginn ass, dass e schonn iwwer 20 Joer am Gespréich wär, wou d'Projeten ëmmer nees changéiert gi sinn.

Enfin, ech ka vun deenen 20 Joer selbstverständlech net all Verantwortung iwwerhuelen. Ech sinn awer gäre bereet d'Verantwortung vun deene leschte véier Joer ze iwwerhuelen, an dass ech kee Rancunier sinn oder kee Fanatiker, Här Di Bartolomeo, dat beweist och de Fait, dass ech effectivement déi Reha-A.s.b.l an hirer éischter Kompositioun stoe gelooss hunn an och vollt Vertraue geschenkt hunn un de President vun där A.s.b.l., Ärem fréiere Virgänger als Buergermeeschter zu Diddeleng.

***(Interruptions diverses)***

Dat soll och emol eng Kéier ervirgestrach ginn, well et gëtt jo oft genuch gesot, an d'Leit mengen et wär de Ministère de la Santé, dee Bauhär wär.

Deem ass awer net esou. Bauhär beim Projet Rehazenter ass selbstverständlech d'Reha-A.s.b.l, mä wéi gesot, mir sinn an den Délaien, fir esou schnell wéi méiglech och do déi néideg Régularisatioun iwwert d'Loi de financement virzehuelen, esou zwar, dass et mir wierklech wäert e Pläséier sinn, fir no esou vill Joren endlech en Deckel op deen doten Eemer, wann ech et däerf esou nennen, ze setzen.

De Moment op alle Fall gëtt definitiv ugefaangen, nach viru Joresenn, mat den Terrassementsaarbechten, an zwar esou, dass dann och net déi nächst Regierung iwwerhaapt wäert kënnen an d'Versuchung komme fir eventuell nees eng Kéier eppes ze changéieren, well wann et der ILReS-Nofro géif esou goe bei deenen nächste Wahlen, da wär vläicht déi Partei do, déi schonn esou oft changéiert huet un deem dote Projet, an ech mengen, dat wëlle mer jo alleguerten net.

Et ass och hei vun der Zitha-Klinik geschwat ginn, d'Zitha-Klinik, déi enttäuscht ass, dass se net elo scho bei där zweeter Well dobäi ass. Dir Dammen an Dir Hären, et deet mer ganz Leed, mä et kann een nëmme Projete bréngen - an et ass éinescht vu verschiddene Riedner hei ervirgestrach ginn - déi fäerdeg sinn.

Den Avis vun der CPH vum 20. November vum leschte Joer seet och a senger ganzer Klorheet an Däitlechkeet, dass selbstverständlech eppes mat der Zitha-Klinik geschéie muss, an doriwwer schéngt jo Unanimitéit heibannen ze herrschen. Mä wann Der erlaabt, da géif ech awer trotzdeem zitéieren, dass se och seet: „La clinique Ste Thérèse ne fournit cependant pas, à l'appui de son avant-projet, d'analyses détaillées de ses activités, avec une projection réaliste sur l'avenir en phase avec un projet d'établissement précis et intégrant des synergies. Ainsi en comparaison avec les surfaces nettes par service d'autres projets hospitaliers, la CPH est d'avis que l'avant-projet doit être revu dans une approche plus réaliste des besoins“.

Dat ass d'Zitha de Moment amgaangen ze maachen, an esou wéi d'Zitha jo och seet, géif se dann déi revidéiert Pläng Enn Juli virleeën. Dat selbstverständlech ass ze spéit, fir an der zweeter Well vun de Projeten dobäi ze sinn. Et läit also weder um Minister nach un der CPH, wa mer do nach net méi wäit sinn. Ech wëll awer soen, dass et trotz allem net grad esou ass wéi wann d'Zitha näischt kritt hätt, well d'Zitha huet déi 800 Milliounen, wann ech de Chiffer richteg am Kapp hunn, déi an der Loi de financement waren, entre-temps komplett opgebraucht. Net méi spéit wéi Ufanks dëses Joers huet se och iwwer dräi Milliounen Euro genehmegt kritt fir Infrastrukturaménagementer ze maachen, fir den IRM kënnen anzebauen, wou et elo am Abrëll, ech mengen zwee oder schonn dräi Joer ginn, dass ech dee genehmegt hunn, a wou se, wéi gesot, après coup komm sinn a gesot hunn si missten do awer och nach extra Aménagementer maachen.

Et ass och de Labo ugeschwat ginn. Wat de Labo ubelaangt, do, mengen ech, huet d'Ministerin vun de Bâtiments publics viru 14 Deeg, dräi Wochen op eng Question parlementaire geäntwert, an zwar an deem Sënn, dass dee Projet fäerdeg ass, an dass se e wäert d'ici peu an de Regierungsrot bréngen.

Wat d'Médecine de l'environnement ubelaangt, do wësse mer, Här Huss, dass et net esou einfach ass e Konzept an deem ganzen Domän opzestellen, vu dass dat Neiland ass fir eis alleguerten, dass mer versichen och vum Ministère aus mat AKUT zesummenzeschaffen, an dass ech och emol e Sondage gemaach hunn, fir ze gesi wéi eng Klinik hei zu Lëtzebuerg interesséiert wär, fir esou eng Clinique de l'environnement opzebauen. Do hu mer eng eenzeg Äntwert kritt, den HVEA zu Esch, esou dass ech och dovun ausginn, dass domat den HVEA wäert dee Projet kréien, dass en och dee Moment wäert relativ schnell e Konzept opgebaut hunn.

Et ass och hei geschwat gi vun Normen, déi effectivement am Spidolsgesetz virgesi sinn. Ech kann lech soen, dass dat Reglement wat de Service d'urgence ubelaangt praktesch fäerdeg ass, also och ganz geschwë kënnt, an datt wat aner Normen ubelaangt, déi och bis Enn dës Joers relativ wäit avancéiert sinn.

Den Här Di Bartolomeo huet d'Autorisatioun vun de Servicer ugeschwat, déi jo op den 1. Oktober solle fäerdeg sinn. Déi, déi an de Milieuen dra sinn, wann ech mech däerf esou ausdrécken, wëssen, dass all Spidol opgefuerdert ginn ass fir de 15. vun dësem Mount, dat heescht, dat war fir gëschter, spéitstens hir Demande eraginn ze hunn. Dat ass net bei all Spidol bis elo geschitt. Do si verschiddener, déi Retard hunn, mä do wäerte mer och geschwënn déi néideg Donnéeë kréien, esou dass mer och do wäerten am Timing sinn.

E ganz interessante Punkt ass och deen, deen hei ugeschwat ginn ass, vun der Réductioun vun de Better. Dir Dammen an Dir Hären,

Här President, zënter dass ech d'Responsabilitéit hunn, ass hei am Land nach keen eenzegt Bett ofgebaut ginn. Vu dass mer am Plan hospitalier gesot hunn, dass mer géifen am Objectif 2005 schaffen, dass mer awer flexibel wären, dass een am Joer 2005 - also nach eng Kéier - éischtens emol misst d'Evolutioun vun der Populatioun nokucken, zweetens awer och kucke wat d'Besoine wären.

Ech muss och soen, dass dans l'état actuel des choses et mer schwéier schéngt fir déi Réductioun esou schnell virzehuelen, well mer de Moment nach ze vill eeler Leit an de Cliniquë leien hunn, well eis Plaze feelen an den CIPAen, an de Maisons de soins, a wann dat esou ass, dass do Plaze feelen, da wësst Dir, Här Di Bartolomeo, och wahrscheinlech firwat.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Firwat dann?

**M. Carlo Wagner,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Mä well net genuch Projeten ënnerwee waren, an dass eréischt eng ganz Rëtsch…

***(Interruptions)***

Do kënnt Der roueg d'Madame Jacobs froen. Dir wësst, dass regelméisseg CIPAen a Maisons de soins agewië ginn, an dass de Moment, wann ech de Chiffer richteg am Kapp hunn, 1.300 nei Better fir déi nächst Jore geplangt sinn. Dee Moment op alle Fall misste mer hei am Land bäi sinn, well esou wäit wéi ech weess hu mer Better genuch fir 7% hei zu Lëtzebuerg vun de Leit iwwer 65 Joer. Woumadder mer géifen elo schonn, kann ee soen, e Rekord hei an Europa opstellen.

Zum Schluss vläicht wéilt ech och nach agoen op d'ITM, déi och de Mëtteg hei wéi oft ernimmt ginn ass, d'ITM, déi effectivement grouss Schwieregkeete gemaach huet, wou ech awer muss soen, zur Entlaaschtung vun der ITM, dass éischtens emol déi Infrastructures hospitalières och Neiland ware fir d'ITM, well se absolut keng Erfahrungen haten. Erënnert Iech, dat zweetlescht Spidol wat hei zu Lëtzebuerg gebaut ginn ass, den CHL, dat war Ufanks de 70er Joren. Dat lescht Spidol, dat war Déifferdeng, ech mengen 1984, dat heescht, och deene Leit huet et un Erfahrung an un Donnéeë gefeelt.

Et ass awer esou, dass éischtens och do eng Restructuratioun virgeholl ginn ass, an zweetens et effectivement elo esou ass, dass mer fir déi meescht Situatioune fest Normen hunn, esou dass et an Zukunft wäert méi einfach si fir déi Projeten, déi elo kommen, op alle Fall mat den Exigenze vun der ITM.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, …

***(Interruption)***

Glift? Jo sécher, ech kann Iech jo näischt refuséieren, Här Huss.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här Minister. Ech hat a menger Ried, an et waren och aner Riedner hei, déi dee Punkt ugeschwat hu vun der Gestioun a vum Statut vun de Spideeler, an Dir hutt an engem gewëssene Moment an enger Äntwert op eng Fro, déi ech Iech de Mëtte gestallt hat, gesot, datt Der eventuell souguer géift gedenken de staatleche Vertrieder aus dem Escher Spidol souguer erauszehuelen. Elo geet et awer hei, bei deem wat mir hei maachen, wa mir hei ofstëmmen, ëm öffentlech Gelder an deelweis ëm Milliarde vun öffentleche Gelder, déi hei de Stat, déi lëtzebuergesch Steierzueler, den Träger, de Spideeler zur Verfügung stellen, ob dat elo öffentlecher sinn oder privater oder kommunaler, steet emol net zur Diskussioun.

Ass et dann awer net elementar, wann dat esou vill Sue sinn, déi zur Verfügung gestallt gi vun der öffentlecher Hand, datt de Stat a sämtleche Verwaltungsréit, wou et ëm esou grouss Zomme geet, misst vertriede ginn? An ass et jo och net sënnvoll, mir schwätze jo och vill vu Patienterechter, dass zum Beispill och Patientevertrieder missten an deene Verwaltungsréit vertruede sinn, eventuell och d'UCM, dat kann ee jo nach diskutéieren, mä op jidde Fall, de Stat an d'Patiente missten a mengen Aen an deene Verwaltungsréit vertruede sinn, fir eng gewësse Kontroll do auszeüben.

**M. Carlo Wagner,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Fir Iech, Här Huss, weess ech ganz konkret dorobber ze äntwerten. Ech hu jo net gesot mir géifen de Vertrieder am HVEA eraushuelen, ech hu just gesot, dass mer net drop hale fir, wéi soll ech soen, an deenen neie Statute vum fusionéierten Etablissement dobäi ze sinn, dass mer gesot hunn, dass mer ganz gären awer géifen als Observateur mat do schaffen.

Dat gesot awer sinn ech wierklech der Iwwerzeegung, dass et fir déi Statsvertrieder an deene Gremien heiansdo ganz schwéier ass, besonnesch wa se herno dat entscheedend Glidd un der ganzer Kette sinn, mat deene Reprochen, wou se dann och nach an der Öffentlechkeet, ech wëll net soen duerch den Dreck gezu ginn, mä awer bal. Dat hunn déi Leit a mengen Aen och net verdéngt, an dat d'autant plus, dass a mengen Aen trotzdeem d'Décisiounen iwwert déi grouss Investissements financiers, wou de Stat matmécht, net an der Commission consultative oder an hirer Kommissioun do fale, mä dass déi trotzdeem nach ëmmer beim Législateur leien. Dat heescht an anere Wierder, keng Kommissioun, och kee Conseil d'administration kann öffentlech Gelder dee Moment engagéieren. Dat ass nach ëmmer d'Virrecht vum Législateur.

Dat gesot wéilt ech alleguer deene Leit merci soen, déi de Projet de loi hei stëmmen, a fir deen, dee sech enthält, den Här Urbany, wäert ech och dat néidegt Verständnis versichen opzebréngen.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 5073 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo of iwwert de Projet de loi 5073.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Clement), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Norbert Haupert), Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp;*

*MM. François Bausch (par M. Camille Gira), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Jean Huss).*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wäre mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass iwwermuer a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.32 heures)***

---

JEUDI, 19 JUIN 2003

# 63E SÉANCE

Présidence: M. Jean Spautz, Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

## Ordre du jour

1. Ordre du jour
2. Communications
3. 5083 - Projet de loi sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2001

   *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale)*
4. Dépôt d'un projet de loi
5. 5083 - Projet de loi sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2001 (suite)

   *(Discussion générale - suite)*
6. 5122 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

   *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
7. 5083 - Projet de loi sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2001 (suite)

   *(Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)*
8. 4807 - Projet de loi portant modification de la loi du 2 septembre 1993 créant les conditions requises pour l'application
   1. de la loi modifiée du 17 juin 1970 concernant les pratiques commerciales restrictives
   2. du règlement n° 17 du Conseil de la Communauté européenne du 6 février 1962, pris en exécution des articles 85 et 86 du Traité de Rome
   3. du règlement (CEE) n° 4064/89 du 21 décembre 1989 relatif au contrôle des opérations de concentration entre entreprises

   *(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
9. 4997 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux sur les marques, signé à Bruxelles, le 11 décembre 2001

   *(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden et Henri Grethen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.35 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Den Här Clement freet schonn d'Wuert.

## 1. Ordre du jour

**M. Lucien Clement** *(CSV).*- Här President, ech géif d'Chamber am Numm vu menger Fraktioun bieden eng Modifikatioun vum Ordre du jour virzehuelen an de Projet de loi 5122 iwwert d'TVA als zweete Punkt op eis Dagesuerdnung ze huelen.

**M. le Président**.- Ass d'Chamber domadder d'accord?

**Plusieurs voix**.- Jo.

**M. le Président**.- Et ass esou décidéiert.

## 2. Communications

Ech wollt der Chamber folgend Kommunikatioune maachen:

1) En raison des travaux effectués au Palais d'Iéna, son siège à Paris, l'Assemblée de l'Union de l'Europe occidentale a tenu la première partie de sa 49e session ordinaire exceptionnellement au Palais de l'Europe à Strasbourg et ce du lundi 2 au mercredi 4 juin 2003.

Y ont assisté le Président de la délégation, M. Gusty Graas et MM. Marcel Glesener et Norbert Haupert, respectivement membre effectif et suppléant. M. Emile Calmes et Mmes Lydie Err et Mady Delvaux-Stehres se sont fait excuser en raison des séances publiques de la Chambre des Députés.

Les sujets traités ont été les suivants:

- La politique de sécurité d'une Europe élargie - réponse au rapport annuel du Conseil
- La politique de sécurité d'une Europe élargie - Contribution à la Convention
- La défense européenne et la puissance maritime
- L'objectif global de l'Union européenne et la Force de réaction de l'OTAN (NRF) - réponse au rapport annuel du Conseil
- Le suivi parlementaire de la PESD dans les parlements nationaux - débats et réponses aux questions parlementaires dans les pays de l'UEO
- Le développement d'une culture de sécurité et de défense dans le cadre de la PESD
- L'Europe et la nouvelle stratégie de sécurité nationale des Etats-Unis
- La stratégie de sécurité nationale des Etats-Unis et ses conséquences pour l'Europe de la défense
- La nouvelle architecture européenne de sécurité et de défense - priorités et lacunes
- L'avenir des industries aéronautiques européennes de défense - réponse au rapport annuel du Conseil
- Les activités spatiales européennes en matière de défense et

le développement de l'autonomie dans le domaine des lanceurs

- Avis sur les budgets des organes ministériels de l'UEO pour 2003 et le projet de budget révisé de l'Assemblée pour 2003 et avis du Conseil

- La coopération entre les industries aérospatiales européenne et russe

- L'évolution de la situation dans l'Europe du sud-est.

Avant le discours de bienvenue de M. Peter Schieder, Président de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe, l'Assemblée a ratifié la décision du Comité des Présidents visant à modifier le titre de l'Assemblée en remplaçant le mot «intérimaire» par le mot «interparlementaire». Ainsi le titre officiel sera dorénavant: Assemblée de l'Union de l'Europe occidentale - Assemblée européenne interparlementaire de la sécurité et de la défense.

Différentes personnalités ont prononcé des discours:

- M. Vecdi Gönül, Ministre de la défense nationale de la Turquie,

- M. Antonio Martino, Ministre de la défense de la République italienne, représentant la présidence entrante de l'UEO et de l'UE.

- M. Yannos Papantoniou, Ministre de la défense de la Grèce, représentant la présidence grecque de l'UEO et de l'UE.

Lors de cette session s'est tenue pour la première fois une réunion conjointe avec le Parlement européen et ce sur le thème «Sécurité européenne et relations transatlantiques». L'introduction par M. Elmar Brok, MEP, Président de la Commission des affaires étrangères, des droits de l'homme, de la sécurité commune et de la politique de défense du Parlement européen, a été suivi du discours du Rt Hon. Chris Patten, CH, Membre de la Commission européenne pour les relations extérieures.

L'Assemblée a adopté une série de recommandations, de directives et de résolutions.

Les commissions de l'Assemblée se sont réunies en marge de la session.

La prochaine session aura lieu du 1er au 3 décembre 2003 à Paris.

2) La session de printemps de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN a eu lieu à Prague du 24 au 28 mai 2003. La Chambre des Députés y était représentée par M. Niki Bettendorf, Président de la délégation, ainsi que par MM. Alex Bodry et Jean-Marie Halsdorf, membres de la délégation.

Les différentes commissions de l'AP-OTAN sont réunies, à savoir la Commission permanente, la Commission sur la dimension civile de la sécurité, la Commission de la défense et de la sécurité, la Commission de l'économie et de la sécurité, la Commission politique et la Commission des sciences et des technologies.

Le programme de la session comprenait en premier lieu une réunion de la Commission permanente parlementaire OTAN-Russie. La situation en Irak était au centre des débats.

Une seconde réunion de la Commission permanente a eu lieu à la fin de la session. Celle-ci a essentiellement été consacrée à la lecture de rapports administratifs du trésorier et du secrétaire général de l'AP-OTAN. Enfin, la Commission permanente a entendu des rapports sur les préparatifs des prochaines réunions de l'AP-OTAN.

Lors de la réunion de la Commission sur la dimension civile de la sécurité plusieurs points étaient à l'ordre du jour, dont:

l'examen du projet de rapport «*Protection civile: vue d'ensemble*», de Madame Verena Wohlleben (Allemagne);

l'intervention de Monsieur Olivier Roy (directeur de recherche au C.N.R.S.): «*Le radicalisme islamique: une conséquence des conflits du Moyen-Orient ou bien un effet de la globalisation de l'Islam?*», suivie de questions-réponses;

l'intervention de Madame Anna Politkovskaia, journaliste à Moscou, spécialiste de la question tchétchène;

l'examen du rapport spécial «*La situation des minorités russes dans les pays Baltes*», de Madame Loubov Sliska (Fédération de Russie);

l'examen du projet de rapport «*Criminalité organisée: trafic de drogues et trafic d'êtres humains en Europe*», de Madame Christine Boutin (France).

En marge des réunions des différentes commissions de travail, plusieurs personnalités se sont adressées à l'Assemblée. Ce furent par ordre chronologique:

Rt Hon. Lord Robertson of Port Ellen, secrétaire général de l'OTAN et Président du Conseil de l'Atlantique Nord,

Monsieur Vaklav Klaus, Président de la République Tchèque,

Hon. Doug Bereuter, Président de l'AP-OTAN,

Monsieur Vladimir Spidla, Premier Ministre de la République Tchèque.

Lors de la séance plénière, un débat sur la situation en Irak a été organisé.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5083 iwwert den Iwwerschoss vun de Recetten aus dem Joer 2001. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Bodry, Rippinger a Gibéryen. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

## 3. 5083 – Projet de loi sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2001

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5083 sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2001, deen dëse Mechanismus regelt, geet zréck op d'Regierungserklärung vum 12. August 1999, wou festgehale gouf, dass wann Excédente vu Recetten an de Konten sinn, dass dann à titre principal an d'Fonge gespeist gëtt oder och an de Fonds de dettes, an dat soll dann iwwert e Projet de loi ofgeweckelt ginn. Dësen Exercice hu mer hei an der Chamber elo schonn dräimol gemaach an och dës Kéier hu mer nees en Excédent.

Am Budgetsgesetz vum Joer 2001, dat den 22. Dezember hei an der Chamber gestëmmt gouf, hu mer festgehalen, dass mer en Total vu Recettë sollten hu vu 5.446,7 Milliounen Euro an en Total vun Dépensë vu 5.445,4 Milliounen Euro.

Am Kont vun 2001 gesi mer, dass mer 152,4 Milliounen Euro an der Keess hunn, an dat gëtt esou ventiléiert: D'Recettë sinn an d'Luucht gaangen ëm 262,6 Milliounen Euro, d'Dépensen ëm 111,5 Milliounen, esou dass 152,4 Milliounen do stinn. 151,1 plus 1,3 Budgetskapital maachen 152,4 Milliounen.

Mir stelle fest, dass mer 1999 en Excédent hate vu 433 Milliounen. Am Joer 2000, wou et fantastesch geboomt hat, hate mer e Wuesstum vun der Ekonomie vun 9%, mat engem Excédent vu 672,1 Milliounen.

Wéi soll et weidergoen? Eng Reprise gëtt sech erwaart fir dat zweet Semester 2003. Eng Finalitéit ass awer sécherlech déi vun deem Exercice hei a vun der Konklusioun, déi mer haut hei zéien.

Dat globaalt Resultat vum Exercice kënnt méi no un déi budgetär Viraussoen erun. Dat war jo ëmmer eng grouss Diskussioun hei an der Chamber. Et ass ëmmer gesot ginn, d'Viraussoe géifen express ze déif ageschat ginn. Sécher ass, dass d'Viraussoe vun engem Budget net einfach sinn. Do ka konjunkturell a kuerzfristeg eng Dynamik um Aarbechtsmaart entstoen, zum Beispill, dass méi Leit agestallt ginn an esou d'Atmosphär vun der Wirtschaft ganz séier variéiert. Och den Zäitpunkt, wou de Budget opgestallt gëtt, erméiglecht et net ëmmer effektiv Schätzungen ze maachen, déi zu 100% déi richteg sinn.

Kloer ass, wann een d'Bugetsschätzunge kuckt fir den Exercice 2001, dass 99 Millioune méi erakomm sinn u Kierperschaftssteier. Fir den Exercice 2002 wäert och nach e Plus ze verzeechne sinn.

Bei de Steiere vun de Gehälter hu mer e Plus vun 91 Milliounen. Beim Fong fir d'Zënsen, d'Dépôten e Plus vun 58 Milliounen. Bei der Taxe d'abonnement sinn 118 Millioune méi erakomm wéi geschat. Elo ass scho gewosst, dass fir den Exercice 2002 d'Taxe d'abonnement zréckgoe wäert.

Et ass och sécher, wou déi Suen elo hi ventiléiert ginn, an zwar do wou d'Politik et wëllt a wou dobausse Besoine sinn.

An der Kooperatioun sinn et 25 Milliounen, wou jo am Fong geholl de Wuesstum vum PIB dëse Fong steiert.

An dem socio-familialë Beräich, dee ganz wichteg ass, sollen 20 Milliounen Euro fléissen, fir Altersheimer a Fleegeheimer ze bauen, wou dobaussen eng grouss Demande ass.

Fir d'Spideeler, wou mer gëschter hei iwwer Spidolskonstruktioune geschwat hunn, solle 40 Milliounen afléissen.

Bei de Schoulen, wou mer jo an engem Plan sectoriel Lycées festgehalen hunn, wou all déi Lycéeën am Land solle gebaut ginn, och 40 Milliounen Euro.

An der Loi de garantie 15 Milliounen. Dat ass fir e Remboursement anticipé vun Emprunten, besonnesch vum Plateau Kierchbierg.

Schliesslech, an dat ass eng grouss Diskussioun hei an der Chamber scho gewiescht, fir och an d'Schinn ze investéieren. Hei e Plus vun 10 Milliounen Euro. Do fléissen d'Suen a Réseauen am Süde vum Land an och hei an d'Stad.

Dat alles mécht 150 Milliounen aus.

Dir hutt sécherlech matkritt, dass de Statsrot dëse Projet positiv aviséiert huet. D'Kommissioun huet en och majoritaire ugeholl. Ech géif lech dofir bieden dëse Projet de loi ze stëmmen a bréngen den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Här Rapporteur, den Här Halsdorf huet an engem Rekordtempo säi Rapport zu dësem Projet virgedroen. Ech verstinn hien, well u sech, wann een déi plakeg Zuele kuckt, ass natierlech an deem Gesetz näischt Neies par rapport zu deem, wat d'Chamber net schonn zënter November vum leschte Joer kennt.

Haut, den 19. Juni 2003, däerf d'Chamber an hir Majoritéit am Fong nodréiglech dat ofseenen, wat d'Regierung Enn November scho festgehalen huet, awer och dat wat an offiziellen Dokumenter, der Programmation pluriannuelle vun den Dépenses en capital, schonn zréckbehale gi war, dat heescht der Chamber hiren Impakt ass de facto do gläich null de jure. Doriwwer léisst sech nach diskutéieren, well - ech kommen herno nach drop zréck - déi heite Prozedur jo eigentlech a kenger Prozedur an a kengem Gesetzestext verankert ass.

Et muss een also feststellen, dass op jidde Fall an deene leschte Méint, wat d'Programmatioun vun den ausseruerdentlechen Dépensë vun der Regierung ubelaangt, sech näischt geännert huet par rapport zu deem, wat se am spéiden Hiersch d'lescht Joer zréckbehalen huet. Dëse Gesetzesprojet iwwerhëlt nämlech zu 100% déi Zuelen, déi an deem pluriannuellë Plang vun de Kapitalausgabe fir d'Period 2002 bis 2006 scho festgehale sinn. Domadder, géif ech soen, riskéiert e bëssen déi Prozedur hei zu engem Exercice de style ze ginn, zu enger renger Formsaach, déi, wéi scho gesot, kee regelrechten Impakt op d'Realitéit an op d'Planung vun der Regierung an hir Aarbechten huet.

Et muss een och feststellen, dass och wat den Timing ugeet, mer eigentlech dëst Joer ganz onglécklech leien, well u sech déi Zuelen, wat d'Plus-valuen ugeet, scho bekannt sinn zënter dem Fréijoer vum leschte Joer, an et huet bis an de Januar dëst Joer gedauert bis d'Regierung de Projet de loi deponéiert huet. Dat war dat Joer virdrun anescht, wou ganz aner Délaie waren a wou mer eigentlech virum Ofschloss vun engem Exercice als Chamber per Gesetz iwwert d'Affectatioun vun de Plus-valuë scho konnte befannen. Dat war aus Grënn, déi ech net kennen. Ech wär frou, wann ech do kënnt Erklärunge vum zoustännege Minister kréien.

Dëst Joer ass dat net de Fall. Et ass mat enger räichlecher Verspéidung geschitt an dat mécht deen Exercice vun haut dach awer e bëssen onnëtz, zumindest wat déi eigentlech Zuele vun deem heite Gesetzestext uginn.

Mir sinn als sozialistesch Fraktioun awer der Meenung, dass den Eescht vun der Situatioun et eigentlech noutwendeg mécht fir haut iwwert déi puer Zuelen aus deem Gesetzesprojet hei eraus ze kucken an déi Zuelen e bëssen an de Kontext vun der wirtschaftlecher Entwécklung vun de Joren 2001, 2002 an och 2003 - wéi se sech ofzeechent - eran ze setzen an ze kucken, ob net de Moment komm wär, fir dat nozehuelen, wat nëmmen ongenügend an der Dezemberdebatt zum Budget 2003 hei geschitt ass, an dass mer méi grondsätzlech Reflexiounen uginn iwwert déi pluriannuel Investissementer iwwert d'Politik vum Stat Lëtzebuerg an deenen nächste Joren, wat déi grouss Investissementer ugeet, a wéi mir et fäerdeg bréngen déi richteg Prioritéiten ze setzen an och ze garantéieren, dass déi Investissementer iwwert d'Joer 2005 eraus och nach kënne finanzéiert ginn.

Zu den Zuele vum Gesetzesprojet: 2001 huet de Stat méi Suen erakritt an och méi Suen ausgi wéi dat am Budget vun deem Joer vun der Chamber festgehale gi war. Ënnert dem Strëch bleift en Iwwerschoss vun Einnahme vun 152,4 Milliounen Euro. Dat sinn der däitlech manner wéi dat Joer virdrun an och däitlech manner wéi 1999. Entre-temps wësse mer eigentlech och scho wat d'Zuele fir 2002 sinn, well de Premier huet bei senger Deklaratioun zur Lag vum Land deklaréiert, dass fir 2002 deen Iwwerschoss un Einnahmen nach wäert weider schmëlzen op 60 Milliounen Euro. 2003, ech mengen do ass et sécherlech ze frëi fir Prognosen zu deem dote Punkt ze maachen. Dodmadder muss ee soen, dass ee feststellt, dass dat wat am Budget steet als Gesamtéquiliber - loosse mer et esou soen - Tendenz huet sech der Realitéit unzenäheren. Ech géif net soen, dass et ëmgekéiert wär.

Dat ass u sech keng negativ Entwécklung. Et ass ganz kloer, an eisen Aen ass dat wat de Fait ugeet, dass mer elo eigentlech manner staark Ofweichungen an den totalen Einnahmen an Dépensen zum gestëmmtene Budget hunn, u sech keng negativ Entwécklung. Wann, an dat ass d'Konditioun, déi dote Politik, déi Unnäherung vun deem gestëmmtene Budget a vun der Ausféierung vum Budget, wierklech de Produkt ass vun enger gewotener Politik vun der Regierung, an et ass ebe grad dorunner wou mer zweifelen.

Mir zweifelen drun, dass déi méi streng Noperschaft vun den definit Zuelen, d'Zuele vum Kont, mat deene gestëmmtenen Zuele vum Budget, iergendwéi eppes ze dinn huet mat enger Regierungspolitik, mat dem Wonsch fir endlech méi Wourechtsgehalt an de Budget eran ze kréien. A genau esou gesäit et och d'Majoritéit, well et ass ganz interessant ze gesinn, dass am Rapport zu deem heiten Text dran ze liese steet, dass dat eigentlech ausschliesslech zréckzeféiere wär op eng méi schlecht wirtschaftlech Entwécklung.

Et ass also net de Wonsch vun der Regierung gewiescht fir méi seriö Budgeten opzestellen, de Wonsch fir méi no realistesch Budgeten opzestellen, mä et ass déi wirtschaftlech Entwécklung, déi eleng no Meenung vun der Majoritéit dozou gefouert huet, dass mer bei deenen Zuelen hei vun 2001 am Kont méi no beim ursprüngleche Budgetsprojet leien.

Et ass also dat schlecht wirtschaftlecht Resultat vum Joer 2001, mat engem Wirtschaftswuesstum vun 1%. Entre-temps wësse mer, dass och 2002 net besser war an 2003 och riskéiert net däitlech besser ze ginn, wat de Wirtschaftswuesstum ugeet, wéi dat schlecht Joer 2001. Et ass also eleng op déi moros wirtschaftlech Situatioun vun deene leschte puer Joer zréckzeféieren, dass mer elo méi eng kloer Iwwerschneidung hu vun deem gestëmmtene Budget a vun den Zuelen aus de Konten. Esou gesäit et zumindest d'Majoritéit an deem Rapport, dee se an der Kommissioun ugeholl huet.

Ech géif och mengen, dass an deenen dote Froe vun alle Säiten, a besonnesch vu Regierungssäit, eng grouss Bescheidenheet misst un den Dag geluecht ginn. Ech hunn nogelies wat de Budgetsminister viru méi wéi engem Joer hei an der Chamber gesot huet, wéi hien deemools déi héich Plus-valuë konnt presentéieren an der Héicht vu méi wéi 30 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang. Sengerzäit sot hien, dass déi gutt Resultater do d'Resultat wiere vun enger gudder wirtschaftlecher Lag a vun enger richteger Politik. Ech si virwëtzeg dann ze héieren, ob de Minister och mengt, dass déi schlecht Resultater, déi mer elo afueren, ënner anerem och d'Resultat vun enger schlechter Politik sinn.

Also, Bescheidenheet soll een och a gudden Zäiten üben, da riskéiert een net seng Wierder eng Kéier frësch virun de Spigel gehalen ze kréien. Well effektiv ass et esou, dass déi wirtschaftlech Lag net méi déi ass wéi mer se an der zweeter Halschent vun den 90er Jore mat engem culminantë Punkt am Joer 2000 kannt hunn, well mer an de Joren 2001, 2002, 2003 zesummegerechent nëmmen e Wirtschaftswuesstum op déi dräi Joer vun 3,5% riskéieren ze hunn, während mer eleng am Joer 2000 e Wirtschaftswuesstum vu bal 9% haten an engem Joer. Et ass also an dësem Sënn en dramatesche Réckgank vun der wirtschaftlecher Aktivitéit a vun der Plus-value, déi ei-

gentlech vun der Wirtschaft geschafe ginn ass.

An dat werft eng fundamental Fro op, an et ass déi, déi ech och haut a menger Interventioun haaptsächlech behandelen, an dat ass net geschitt am Virfeld, dat ass also d'Fro: Wa sech déi Gronddaten, wann d'Ëmwelt sech esou drastesch geännert huet, wéi dat elo zënter 2001 de Fall ass, kann een dann dohinner goen an einfach an der Planung, déi een als Regierung fir de Lëtzebuerger Stat mécht, maache wéi wann näischt geschitt wär, wéi wann nach ëmmer déi Situatioun an dee Rhythmus géife bäibehale ginn an de Finanzen och vum Stat, wéi mer dat an der zweeter Halschent vun den 90er Jore kannt hunn?

A genau dat ass an eisen Aen d'Regierung amgaangen ze maachen. Si stellt eigentlech a kengem Mooss dat a Fro, dee Rhythmus a Fro mat deem se ugetratt ass 1999, deen d'Fortschreiwung war vun deem wat een och déi puer Jore virdru scho kannt huet. Dat war an enger Zäit vu groussem wirtschaftlechem Boom a vun engem staarken Zouwuess vun de Finanzkapassitéite vum Stat. Dat ass haut net méi de Fall, an dat ass och viraussiichtlech an de Joren 2004, 2005 a vläicht souguer 2006 net de Fall, souguer wann d'wirtschaftlech Lag sech géif lues a lues erëm, wat mer hoffen, an deenen nächste Joren erhuelen, well ganz einfach ëmmer mat engem gewëssene Retard vun zwee, dräi Joer sech esou en negative wirtschaftlechen Impakt eréischt konkret am Statsbudget a puncto Einnahme vum Stat wäert bemierkbar maachen.

Ech kann also nëmmen hei déi fundamental Kritik widderhuelen an ënnersträichen, déi mer jo schonn am Dezember d'lescht Joer bei den Debatten iwwert den 2003er Budget gemaacht hunn. Dass d'Regierung einfach eng Rei vun negativen Entwécklungen net fréizäiteg wëllt zur Kenntnis huelen, Entwécklungen, déi awer ausser eis och aner Institutiounen an Organer an deene leschte Méint ervirgehuewen hunn.

Liest d'Avisen no vun der Cour des Comptes iwwert d'pluriannuel Planung an d'Finanzmëttelen, déi de Stat nach wäert zur Verfügung hu fir all déi Investissementer iwwert déi nächst Joren, besonnesch mëttel- a laangfristeg, kënnen ze finanzéieren. Liest dat no wat och d'Chambre de Commerce an engem ganz detailléierten Avis zum Budgetsprojet 2003 zu deem dote Punkt geschriwwen huet, oder dat wat d'Vertrieder vun der Lëtzebuerger Zentralbank an der Finanzkommissioun vun der Chamber am Hierscht d'lescht Joer zu der allgemenger Finanzsituatioun vum Stat an deenen nächste Joren an zu den Investissementspläng vum Stat gesot hunn.

Dat si kritesch Téin, déi do kommen, an et schéngt ës wéi wann déi kritesch Téin géifen ignoréiert ginn, well soss misst déi heiten Diskussioun méi am Fong gefouert ginn. Dat soll op jidde Fall an dësem Moment net geschéien. Et ass evident, dass mer an eng Zwéckmillchen erakommen, well een ëmmer méi gesäit, opgrond vun de Regierungszuele selwer, an ech ginn emol dovunner aus, dass se einegermoosse stëmmen - ech kommen herno nach op den Detail zréck -, dass een einfach verschidde géigesäiteg Tendenzen huet, wou een einfach do mierkt, dass déi Schéier ëmmer méi grouss gëtt.

Op där enger Säit, déi ongenügend jährlech Dotatioune vun den Investitiounspläng an domadder d'Réckgäng vun de Reserven, déi iwwer zéng Joer accumuléiert gi sinn, bei engem staarke parallellen Usteige vun den Dépensen an deenen eenzelnen Investitiounsfongen. Dat heescht d'Dotatioune stagnéieren, ginn héchstens liicht an d'Luucht. Dobäi weist awer d'Planung vun der Regierung e staarkt Usteige vun de jährlechen Dépensen aus. Dat geet op Käschte vun de Reserven an deenen éischten een, zwee Joer an duerno gesinn ech perséinlech net wéi eigentlech déi Investissementer kënne weider finanzéiert ginn, wann all déi Projete wierklech sollen och an deenen nächste Joren ëmgesat ginn, déi d'Regierung ugekënnegt huet, oder déi souguer duerch d'Gesetz ofgeséchert gi sinn.

Am Hierscht d'lescht Joer hunn d'Vertrieder vun der Zentralbank drop opmierksam gemaach, dass eleng fir 2003 d'Dotatioune vun de Fongen ëm insgesamt 6% an d'Luucht ginn, d'Ausgabe vun de Fongen awer fir datselwecht Joer ëm 36% an d'Luucht ginn, wann een den Initialbudgetsprojet vun 2003 kuckt.

Wann een nach méi wäit kuckt, da gesäit ee ganz kloer, dass wann ee souguer d'Fongen eraushëlt an et rechent een op där enger Säit d'Dotatioune fir d'Fongen aus dem Budget eraus an et setzt een d'Dépensë vun de Fonge mat an de Budget eran, dass dann eigentlech hei zu Lëtzebuerg eis öffentlech Finanzen, déi vum Stat, net e Boni opweisen, mä eigentlech en negative Saldo opweisen, wann een déi dote Rechnungsmethod kuckt an et berechent een also de Budget anescht wéi dat hei opgrond vun eiser Budgetstechnik üblech ass. Et ass eng fundamental Ëmkéierung vun deem wat mer an deene leschte Joren hei zu Lëtzebuerg kannt hunn.

Ech mengen et muss een an den Detail goen, well do gesäit een eigentlech wéi d'Situatioun reell ass a wat fir eng déck Problemer sech net virun de Wahlen, mä wat fir eng déck Problemer sech am Joer 2005 an 2006 an doriwwer eraus wäerten hei zu Lëtzebuerg stellen, wann do net an iergendenger Form en Ëmdenke kënnt.

Ech huelen de Spidolsfong. Et ass jo ganz interessant, well mer jo net méi spéit wéi de leschten Dënschden hei eng ganz déck zousätzlech Enveloppe gestëmmt hu fir Investissementer iwwert dee Spidolsfong kënnen duerchzefëieren, déi kee Mënsch a Fro stellt. Et dierf een awer hei d'Fro stellen, ob da vun der Regierung dofir gesuergt ginn ass, dass och an deenen nächste Jore genuch Suen do si fir déi Investissementer finanzéieren ze kënnen. Et ass ebe grad do wou ech dach awer meng Zweifele muss umellen, dass déi Virsiicht hei bei der Regierung gespillt huet.

Bei de Spidolsfonge louchen d'Avoiren Ufanks 2003, no de Regierungsdokumenter, ëm 262,3 Milliounen Euro. Ufanks 2006 leien se nach, lauschtert gutt, bei 67,7 Milliounen Euro. Dat ass also nach 20% vun deem wat am Ufank vun dësem Joer an deem dote Spidolsfong vun Avoirë war. An da kënnt et dobäi, déi Zuelen opgrond vun deenen déi doten Entwécklung sech ofzeechent, sinn nach beschäinegt, well eleng gëschter si Projeten hei gestëmmt ginn, eng supplementar Enveloppe an Héicht vun 72 Milliounen Euro. Esou dass mer also am Endeffekt um Enn vum Joer 2006, wann d'Regierungszuele stëmmen, net e Boni vu knapp 68 Milliounen Euro wäerten hunn, mä wann een ofrechent, dass dat doten Investissementer sinn, déi an deenen nächste Jore wäerte getätegt ginn, da riskéiere mer also e Minus, e plakege Minus ze hunn am Spidolsfong, e Lach fir ze soen um Enn 2006.

An da wësse mer, dass et nach net eriwwer ass, da wësse mer, dass jo d'Regierung deemnächst wäert d'Chamber nach mat zousätzleche Projete befaassen, wou erëm eng Kéier en zousätzleche Käschtepunkt, zousätzlech Coûtë wäerten dra kommen, déi bis elo an der Planung vum Spidolsfong guer net berücksichtegt gi sinn. Och do gëtt geschwat vun héije Milliounen Eurobeträg, zousätzlechen Enveloppen. Parallell dozou gëtt awer net gesot wien dat da wëllt iwwert déi nächst Jore finanzéieren.

Beim Fonds sanitaire et social vum Familljeministère leien d'Avoiren Ufanks 2003 bei 61,7 Milliounen. Déi ginn Ufanks 2006 op 15,7 Milliounen Euro erof, praktesch och nach eng Kéier e Véirel vun deem wat se duerstellen. Am Fonds des routes: Ufanks 2003 148,4 Milliounen Euro, Ufanks 2006 e Minus vu 4,1 Milliounen Euro. No den offiziellen Zuele vun der Regierung ass also de Stroossefong Ufank 2006, an dat ass net méi laang, drëschen. An déi normal Dotatioune ginn net duer, fir dann déi Dépensen, déi dat Joer drop virgesi sinn, finanzéieren ze kënnen.

Ech froe mech aus wat fir enger Ursaach eraus zum Beispill bei der Affectatioun vun deene Plus-valuen deem Ëmstand do net Rechnung gedroe ginn ass. Dat ass fir mech alles onerklärlech, et bleift also, dass dat doten eng Politik ass, déi een esou net einfach hinhuele kann an esou maache ka wéi wa sech keng Problemer géife stellen.

De Fonds d'investissements publics administratifs huet haut e risegen Avoir vun 370,9 Milliounen Euro. Ufanks 2006 geet deen erof op 31,5 Milliounen Euro, op manner wéi en Zéngtel vun deem wat haut an deem dote Fong als Avoiren am Ufank vum Joer ze verzeechne war. De Fonds d'investissements scolaires, och e ganz wichtege Fong, deen och hei zousätzlech nach dotéiert gëtt, geet awer vun 277,2 Milliounen Euro Ufanks 2003 op 108,7 Milliounen Avoiren am Joer 2006 zréck.

Datselwecht gëllt fir de Fonds du rail, datselwecht gëllt fir den Ëmweltfong, iwwerall déiselwecht Tendenzen. Et ass also ganz kloer, dass deen Ënnerscheed tëschent deene jährlechen Dotatiounen iwwert de Budget an déi jährlech Ausgaben, déi sollen an den eenzele Fonge getätegt ginn, einfach net iwwertenee stëmmen.

An do ass eben déi besonnesch Angscht, déi een, mengen ech, muss hunn, ganz einfach déi, ob esouguer bei deenen Zuelen do d'Regierung net ze optimistesch war. Well wann een den Detail kuckt, fir hei iwwerhaapt kënnen eng Planung ze presentéieren, wou déi eenzel Fongen 2006 net alleguerten am Minus sinn, ass d'Regierung dohinner gaangen an huet einfach iwwert déi nächst Jore gesot, iwwert de Budget setze mer d'Dotatioune jährlech elo erop.

Ech froe mech just, ob dës Regierung, a besonnesch déi nächst Regierung 2005 dee Spillraum do huet fir mat deenen Dotatiounen iwwert de Budget déi ordinär Dotatiounen iwwert de Budget esou erop ze goe wéi d'Regierung dat hei an hirer Planung ausweist. Et ass mir schleierhaft wéi dat méiglech soll sinn, wann et sech net wierklech ganz schnell zum Gudde wennt a mer erëm praktesch an ökonomesch Boomjoren hei zu Lëtzebuerg 2004 an 2005 erakommen, wou bis elo d'Virzeechen net onbedéngt an déi dote Richtung weisen.

Och do, mengen ech, ass et awer interessant wéinstens eng Zuel nach unzefëieren. Wann een nämlech déi grouss Investitiounsfonge kuckt fir d'Joer 2000, do leien d'Dotatiounen am Statsbudget, also déi normal iwwert de Statsbudget, bei 86 Milliounen Euro. Déi sollen, seet d'Regierung, am Budget 2005 op 151 Milliounen Euro erop goen. Dat heescht, déi nächst Regierung misst et fäerdeg brénge mat hirem éischte Budget 2005 nach 75% méi un ordinären Dotatioune um Statsbudget virzehuelen. Ech soen lech, dat ass onméiglech.

Dat wat d'Regierung hei an hir Planung erageschriwwen huet, fir kënne positiv Ofschlëss nach 2006 opzeweisen, ass net realistesch. Et ass net virsiichteg, dat läit niewent der Realitéit. An ech fannen et schonn, muss ech éierlech soen, e relativ staarkt Stéck fir dat einfach esou hinzehuelen, esou ze maache wéi wann do kee Problem sech géif stellen, an Zuelen hei der Chamber ze presentéieren, déi esou net wäerte stëmmen. Do leeën ech hei meng Hänn an d'Feier!

2005 bréngt menger Ansicht no keng Regierung et fäerdeg déi Dotatioune vun de Fonge par rapport zu 2003 ëm 75% an d'Luucht ze setzen. Da missten op eemol d'Sue vum Himmel gefall komme fir dat fäerdeg ze bréngen. Also stellt sech ganz kloer d'Fro, wann een also hei wëllt wierklech eng seriö Politik maachen, dass musse ganz Chifferen op den Dësch kommen, dass all d'Donnéeë mussen op den Dësch kommen, an dass mer also vun der Regierung hei klore Wäin ageschenkt kréien.

Da geet et net mat Täschespillertricken, da geet et net mat comptablen Astucen, fir iergendwéi flott Statistike kënnen ze presentéieren, mä da musse mer endlech Tableauë kréien, déi d'Realitéit am Ganzen erëmspigelen an déi eis och d'Méiglechkeet ginn ze kontrolléieren, ob déi Zuele stëmmen, déi an deenen eenzelne Fongen an der pluriannueller Planung och festgehale gi sinn. An et ass genau do wou mer eigentlech haut net d'Méiglechkeet hunn dat an alle Fäll kënnen ze kontrolléieren.

Ech ginn e Beispill, de Fonds hospitalier, do kréie mer hei Zuele virgeluecht, wou de Coût vum eenzelne Projet net dra steet. Et kann een also net kontrolléiere wat schonn déi Jore virdrun ausbezuelt ginn ass a wat déi Joren duerno nach soll ausbezuelt ginn. Mer kréien eng Programmatioun hei virgeluecht, wou eigentlech déi al Zuelen nach dra stinn, wou jiddferee weess, dass déi zënter e puer Joer schonn net méi stëmmen. Wéi soll ee sech dann als Chamber, als Parlament e seriöt Bild maachen iwwert déi wierklech Situatioun vun deenen eenzelne Fongen, a wéi et soll mëttel- a laangfristeg weider goen?

Ech hunn den Androck, dass sech virun allem interesséiert gëtt wéi et kuerzfristeg hei weider geet, mä dass sech relativ wéineg Leit seriö mat der Fro ofginn, wéi et iwwer 2004 eraus mat den Investitiounen an deene grouss Projete beim Stat soll ausgesinn, a wéi mir et fäerdeg bréngen déi Projeten do ze finanzéieren. Ech wëll net onnëtz hei weiderfueren, ech gesi meng Zäit leeft och esou lues of, mä hei ass nach Material dra fir eng fundamental Diskussioun ze féieren, an et ass an deem Sënn wou ech och am Numm vu menger Fraktioun wéilt soen, dass mer deen heite Projet net wäerte stëmmen.

Net wéinst deenen 150 Milliounen, well et ass à la rigueur, opgrond vun deem Zuelematerial op deem mer musse schaffen, onwesentlech a wat fir eng Fongen dat kënnt, well d'Regierung dotéiert jo anscheinend sämtlech Fongen an et ass guer kee Problem a sämtleche Fongen an deenen nächste Joren.

Esou liesen ech déi Zuelen, déi d'Regierung am November hei presentéiert huet. Ech wär frou wann ech da kéint eng aner méi realistesch Lecture vläicht vun deenen Zuelen do kréien. Ech gesi jo och net no wat fir enge Kritären d'Regierung higaangen ass an deen ee Fong hei zousätzlech dotéiert huet an aner Fongen, déi eigentlech finanziell méi schlecht do stinn, mëttelfristeg net dotéiert huet.

Do wär ech och interesséiert dru gewuer ze ginn no wat fir engen objektive Kritären déi heiten Dotatioune virgeholl gi sinn. Wat mech zum Beispill wonnert ass, dass de Fong fir den Développement zousätzlech dotéiert gëtt iwwert d'Plus-valuen, well dat war dee Fong, wou d'Regierung Enn 2002 gesot huet, mir ginn erof mam Fong fir kënnen den 2003er Budget am Equiliber ze presentéieren. Et hëlt ee mat där enger Hand eppes ewech an op där anerer Säit gëtt een et erëm. Dat si Kontabelstricken, dat huet u sech näischt mat richtege Prioritéiten ze dinn.

Mir vermëssen hei objektiv Grondlagen op deenen ee sech kann eng zolidd Meenung maachen iwwert déi wierklech mëttelfristeg a laangfristeg Entwécklunge vun eisen eenzelnen Investitiounsfongen. Mir sinn der Meenung, dass mer opgrond vun deenen Zuelen, déi eis virleien, deen heiten Text net kënne stëmmen a mir si virun allem der Meenung, dass mer eis mussen Instrumenter ginn als Parlament haaptsächlech, mä et kënnt och der Regierung déngen, déi méi performant sinn, fir dass mer wierklech kënnen déi méi grondleeënd Froen an aller Rou an deenen nächste Méint a besonnesch am Zesummenhang mam 2004er Budget presentéieren. Et ass an deem Sënn, wou ech am Numm vu menger Fraktioun eng Motioun eraginn, wou mer herno nach kënnen drop zréckkommen.

Ech soen lech merci.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la volonté déclarée par le Gouvernement dans le cadre de sa politique budgétaire «d'asseoir sur des bases solides le financement des dépenses des fonds spéciaux et plus particulièrement des fonds d'investissement de l'Etat»;*

*- considérant la contribution importante, pendant les exercices écoulés, des plus-values de recettes en tant que source d'alimentation supplémentaire pour les dits fonds;*

*- considérant partant l'impact considérable d'une diminution des plus-values de recettes sur le financement respectivement l'équilibre financier de ces fonds spéciaux de l'Etat à moyen et à long terme;*

*- considérant enfin la difficulté d'apprécier l'évolution de l'ensemble des fonds spéciaux sur le long terme en l'absence d'informations détaillées sur chacun de ces fonds, notamment en matière de dépenses prévues pour les exercices ultérieurs à 2006;*

*invite le Gouvernement*

*- dans le cadre de l'élaboration du projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2004:*

*- à émarger et à commenter individuellement la programmation pluriannuelle de tous les fonds d'investissement de l'Etat ;*

*- à fournir le détail des dépenses prévues dans le cadre de la programmation pluriannuelle pour chacun de ces fonds, en distinguant entre dépenses engagées et dépenses non encore engagées et en faisant clairement apparaître le coût total de chaque projet financé ;*

*- à préciser le montant des dépenses prévues pour chacun de ces fonds d'investissement pour les exercices ultérieurs à 2006.*

*(s.) Alex Bodry, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké.*

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

**M. le Président**.- Merci, Här Bodry. Den nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech hu gesinn, dass ouni mäi Wëssen an ouni mäi Wëllen d'Chamber eng Ännerung vum Ordre du jour virgeholl huet, wat mech privéiert huet vum ganz grousse Pleséier den Här Bodry in extenso hei ze héieren. Ech war mat dem President vun der Commission des Affaires étrangères an dem Sall 4 an der Rue du St Esprit, wou mer eng héichkaräteg iranesch Delegatioun emfaangen hunn, wou allerdéngs kee vun der

Oppositioun an notamment kee vun de Sozialisten dobäi war.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).*- Reprochéiert Dir eis an der Sitzung ze sinn?

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Et deet mer Leed, datt den Ordre du jour changéiert gouf, wat mech vun dem immense Pleséier privéiert huet d'Orakel vun Delphi, nämlech dat wat den Här Bodry elo hei gesot huet bis an d'Joer 2004 eran, ze héieren. Ech kann dat alles elo net novollzéien, well ech sinn nach net esou wäit, datt ech d'Orakel vun Delphi oder d'Boule liese kann.

***(Interruptions)***

Jiddefalls ass meng Fraktioun d'accord mat deem, wat d'Regierung proposéiert, och mat der Affectatioun vun de Fonge selbstverständlech, wat mir ëmmer revendiquéiert hunn a wat Dir iwwregens ni gemaach hutt. Mir ginn dofir eis Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Dir sidd gutt preparéiert. All Respekt!

**M. le Président**.- Den Här Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen** *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mäi Kolleeg, den Här Gast Gibéryen, entschëllegen, deen a politescher Missioun ënnerwee ass.

***(Hilarité)***

Hie sollt eis Positioun hei erklären, well hien an där zoustänneger Kommissioun Finanzen a Budget ass. Well hien awer verhënnert ass, huet hie mech gefrot Iech op e puer Punkten opmierksam ze maachen.

Dat éischt betrëfft d'Héicht vun den Iwwerschëss. Wa mir am Joer 2000 672 Milliounen Euro Iwwerschëss haten, da sinn et der am Joer 2001 - wou mer driwwer schwätzen - nach 152 Milliounen Euro. D'wirtschaftlech Situatioun wäert et mat sech bréngen, datt et fir d'lescht ass, dass iwwerhaapt nach en Iwwerschoss opweises ass. Wat dat mat sech bréngt, dat huet mäi Virriedner, den Här Bodry, scho kloer gesot. Bei den Infrastructures ferroviaires, déi mer hei kierzlech gestëmmt hunn, hunn ech op déi Problemer an deen Ënnerscheed higewisen, deen dora besteet, wat mer votéiert hunn a wat effektiv am Fong zur Verfügung steet.

En zweete Punkt ass d'Verwendung, déi dës Sue kréien. Bei de Fongen, déi gespeist ginn, feelen an den A vum ADR zwee wichteg Fongen, déi och misste gefiddert ginn, an zwar de Fong vun de Pensiounen an de Fong fir d'Gemengen, déi jo bekanntlech an enger ganz schlechter Situatioun sinn.

Zum Schluss wëll ech nach eng Kéier hiweisen op dat, wat mäi Kolleeg de Gast Gibéryen a sengen Ausféierunge bei däerselwecher Geleeënheet virun engem Joer gesot huet a matdeelen, dass mer grad wéi deemools eisen Accord net kënne ginn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Den Här Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wäert et elo net maache wéi den Här Bodry fir déi Budgetsried ze halen, déi hie schonn hei gehalen huet, wat zwar korrekt ass, well et ass plus ou moins dat, wat ech och a menger Budgetsried am Dezember hei gesot hunn, wat eis Aschätzung ubelaangt fir 2004, 2005 vun de Statsfinanzen. Ech deele seng Analys. Dat ass och sécherlech de Grond, firwat datt mir dat hei net wäerte stëmmen niewent dem Aspekt awer, datt mer d'Prozedur nach ëmmer a Fro stellen, wéi d'LSAP och.

Ech wëll just op e klengen Detail hiweise bei der Affectatioun vun de Plus-valuen, an zwar d'Affectatioun vu 15 Milliounen Euro an de Fonds pour la loi de garantie. Firwat maachen ech dat? Mä ech maachen dat, well mer de Moment op enger anerer Plaz, an zwar an der Kommissioun, eng interessant Diskussioun féieren iwwer eng Institutioun an dësem Land, de Fonds du Kirchberg, e Fong, wou behaapt gëtt, datt e keng Gelder géing kréien iwwert de Statsbudget an de President dervun ëmmer der Meenung ass, datt de Fong ausschliesslech sech selwer géing finanzéieren duerch Terrainen, déi e géing verkafen oder soss Recetten, déi en hätt, onofhängeg vum Fait natierlech, deen ech net akzeptéieren, datt en da mécht wéi wann dat mam Stat iwwerhaapt näischt ze dinn hätt, obwuel dee Fong zu 100% dem Stat gehéiert a souwéisou all d'Avoire mat deenen eng Kéier ugefaange ginn ass staatlechersäits waren, an do hunn ech ëmmer behaapt, datt dat net géing stëmmen, an datt effektiv och iwwert den normale Budget de Fonds de l'aménagement du Kirchberg géing Sue kréien.

De Bewäis kréie mer haut schwaarz op wäiss. 15 Milliounen Euro ginn an de Fonds pour la loi de garantie gespeist, déi geduecht si fir d'Prise en charge vu Remboursementer vun Annuitéite fir Gebaier, déi de Fonds du Kirchberg pour le compte de l'Etat um Kierchbierg gebaut huet. Schwaarz op wäiss läit et hei um Dësch, datt och iwwert den normale Budget dee Fong Gelder vum Stat kritt, donc ass och fir mech schwaarz op wäiss de Bewäis erbruecht, datt alles dat wat ech a mengem Rapport geschriwwen hunn - dee jo an der Zwëschenzäit anscheinend vun enger Majoritéitspartei staark contestéiert gëtt – iwwert den Artikel 99 an esou weider, datt dat wahrscheinlech fir dee Fong do zoutrëfft.

Ech wollt dat just hei bemierken. Fir de Rescht, wéi gesot, schléissen ech mech deem un, wat den Här Bodry gesot huet. Mir stëmme selbstverständlech dëse Projet net.

**M. le Président**.- Merci, Här Bausch. Et ass kee Riedner méi ageschriwwen an d'Regierung huet d'Wuert. Här Minister, wann ech glift.

**M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet kann ee kuerz oder och laang behandelen, an esou wéi d'Intervenanten dat de Mëtteg gemaach hunn, zweifelt een am Fong drun, ob ee soll kuerz soen.

Hei ass de Bewäis erbruecht ginn, datt d'Suen uerdentlech geréiert gi sinn, gemäß der Politik, déi mer an deene leschte fënnef Joer ëmmer gemaach hunn. Wa méi Suen erakommen, ginn déi Suen an Investitiounsfonge fir Infrastrukturbauten ze finanzéieren. Och dat ass hei konsequent duerchgefouert ginn. Domadder kéint een am Fong dës Ried ophalen an dat misst derzou féieren, datt dës Chamber dëse Projet géing stëmmen, well kee ka mir erkläre firwat mer eis net sollen driwwer freeën, wa mer méi erakréien a wa mer déi Suen dann utiliséiere fir Infrastrukturbauten ze finanzéieren, déi am Intérêt vun alle Leit hei am Land an och vun den zukünftege Generatioune sinn.

Den Här Bodry huet als Spriecher vun der gréisster Oppositiounspartei et derwäert fonnt méi wäit auszehuelen. En Fait sinn ech him dofir dankbar, well hie mer esou d'Geleeënheet gëtt op déi gesond a zolidd Finanzsituatioun op engem schwieregen Ëmfeld hinzeweisen, elo an an der Zukunft. Hätte mer nämlech eng PISA-Etüd vun de Statsfinanzen an Europa, da géing ech hoffen, datt déi géing grad esou vill kommentéiert gi wéi aner ähnlech Etüden. Well et ass unique an Europa, datt mer net nëmmen 2001, mä och 2002 zu Lëtzebuerg et fäerdeg bruecht hunn de Budget am Equiliber ze halen, jo souguer mat engem Iwwerschoss ofzeschléissen.

An dat trotz dem Fait, datt contrairement zu deem, wat den Här Bodry gesot huet, déi manner héich Iwwerschëss dohier kéimen, datt d'Wirtschaft nogelooss hat. Dann ass dat sécher ee vun de Facteuren…

***(Interruption)***

Jo, mä ech wollt dorop zréck…

***(Interruption)***

Jo, jo, mä dat ass nëmmen d'hallef Realitéit, well et ginn zwee aner Facteuren, déi erkläre firwat den Iwwerschoss manner grouss ass. An dat eent, dat ass, datt mer d'Recetten am Joer 2001 wëllentlech politesch méi héich agesat hunn, fir se ebe méi no bei der Realitéit ze hunn, déi schwiereg anzeschätzen ass.

Et ass also de Contraire vun deem wat virdrun hei gesot ginn ass. Ech hunn nämlech gekuckt, beim Projet de budget 2001, do sinn d'Recettë méi héich agesat ginn, ëm 12,7%. Dat war well mer versicht hunn do méi no un d'Realitéit ze kommen, awer och opgrond vun deene groussen Iwwerschëss vum Joer 2000. Dat heescht et ass also wann elo d'Excédentë manner héich sinn - an dat ass deen drëtte Punkt, loosst mech fir d'éischt deen zweete soen -, et ass also well mer d'Recettë méi héich agesat hunn, well mer se esou no wéi méiglech un d'Realitéit wollten upassen, wat schwiereg ass am Virfeld, besonnesch well mer - an dem Rapporteur, deem ech merci soe fir seng Aarbecht - drop higewisen hunn, datt mer deemools vun enger Croissance économique vu 6 bis 8% vum PIB en valeur ausgaange sinn.

Do hu mer d'Recettë méi héich agesat, an dofir ass et normal, datt dann d'Excédenten och manner héich sinn, et gëtt also d'Ursaach vum ominéise wirtschaftleche Wuesstum, zweetens hu mer d'Recettë méi héich agesat, an dann ass et logesch, datt d'Excédenten, wann der kommen, da manner héich sinn, an eng drëtt Ursaach ass, an déi wëll ech awer gären hei emol nach eng Kéier ënnersträichen.

Dës Regierung, dës Majoritéit huet all déi Joren 2001 an 2002 eng enorm grouss Steierreform gemaach. Domadder ass et logesch, datt besonnesch am Ufank vill manner Steieren erakommen, et huet een dann d'Hoffnung, datt dat de Konsum ukuerbelt, d'Investitiounen ukuerbelt. Mir hunn an de Joren 2001 an 2002 op eng 450 Milliounen Euro Recettë bei de Personnes physiques verzicht, dat heescht déi mer de Leit méi ginn hu fir besser ze liewen, bei de Betriber hu mer op 400 Milliounen Euro verzicht. 17 Milliarde Lëtzebuerger Frang fir Privatpersounen, 16 Milliarde grosso modo iwwert déi zwee Exercicë fir Personnes morales, dat ass net näischt, an och dat erklärt firwat d'Excédentë manner héich sinn, mä ëmmerhi solle mer eis freeën iwwert déi Excédenten, well se sinn d'Resultat vun enger gewolltener Politik, vun enger Politik, déi net einfach ass, mä mat där mer och am Joer 2002 virugefuer sinn.

D'Joer 2002, an ech soen dat nach eng Kéier, wann et an Europa iwwerall mat Defiziter ofgeschloss huet, zu Lëtzebuerg hu mer et fäerdeg bruecht mat engem Iwwerschoss ofzeschléissen, e Budget an Equiliber ze hunn, dat war eist Zil. Mir hunn en Iwwerschoss vu ronn 60 Milliounen Euro.



## 4. Dépôt d'un projet de loi

An et ass och dofir firwat ech de Mëtten, Här President, hei an dëser Sitzung de Projet de loi iwwert de Compte général vum Exercice 2002 déposéieren, wëssend de Wëllen souwuel vun der Regierung wéi vum Parlament, fir kënne schnell déi Chifferen ze kucken. Dofir hutt Der déi Méiglechkeet, well, wéi gesot, de Kont hu mer elo just ofgeschloss, et kann also, wann d'Chamber an de Conseil d'Etat dat wëllen, an deenen nächste Wochen och heiriwwer ofgestëmmt ginn, dann direkt no der Vakanz, also virun de Budgetsdebatten, fir datt een och dat viregt Joer direkt ofgeschloss huet, an et ass dofir wou de Grand-Duc eis den 13. Juni autoriséiert huet, dëse Projet hei an der Chamber ze déposéieren.

*- Projet de loi N° 5171 portant règlement du compte général de l'exercice 2002.*

Wann ech glift, Här President.

**M. le Président**.- Ech huelen Akt vum Dépôt vum Projet de loi 5171, deen un déi zoustänneg Kommissioun weider gereecht gëtt.

## 5. 5083 - Projet de loi sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2001 (suite)

***Discussion générale (suite)***

***(Interruption)***

**M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget.*- En ass komplett. Duerch vill Iwwerstonnen, déi gemaach gi sinn, hu mer e fäerdeg bruecht, wou ech och deenen all wëll dankbar sinn an der Trésorerie an am Finanzministère, déi sech déi vill Méi ginn hu fir all déi Annexen, déi reng technescher Natur sinn, fäerdeg ze kréien. Mir hunn dee politesche Volet dozou selbstverständlech och ofgeschloss.

Do gesäit een, datt mer och am Joer 2002, wat kee Land fäerdeg bruecht huet, en Iwwerschooss gemaach hunn. An dat bréngt mech zu deem Punkt, deen den Här Bodry hei in extenso ugeschwat huet, vun den Investitiounsfongen, iwwert déi mer d'Infrastrukturausgabe bezuelen: Schoulen, Spideeler, Stroossen, Schinnen an esou weider. Et stëmmt, datt mer do ganz héich Dépensen hunn an et stëmmt, datt mer déi ganz gutt mussen an engem schwieregen ekonomeschen Ëmfeld am Bléck behalen. Et stëmmt awer och, an dat hu mer d'lescht Joer gesot, an dat soen ech och haut nach eng Kéier, datt een net nëmme ka soe wéi vill Recetten an engem Joer erakomm sinn a wéi vill een an deem Joer ausgëtt, d'Approche Maastricht, well se net de Reserven, déi constituéiert gi sinn, Rechnung dréit.

Ech wëll hei nach eng Kéier drun erënneren, datt mer um 1. Januar dëst Joer Avoiren an de Fonge vun 2,5 Milliarden Euro haten. Ech wëll och drun erënneren, datt mer eng cumuléiert Budgetsreserv haten, déi nach net affectéiert ass, vum 1. Januar vu 560 Milliounen Euro. Alles ronn Chifferen. Déi muss ee mat berücksichtegen, wann een déi Ausgabe kuckt, déi mer iwwert déi nächst Joren an de Fongen hunn, plus déi Dotatiounen, déi mer selbstverständlech am Budget musse maachen an déi mer och an deenen nächste Joren op engem héijen Niveau mussen halen.

Wann een awer dat Gesamtbild kuckt, Reserve plus Dotatiounen, an da vergläicht een dat mat den Ausgaben, ech mengen da sinn déi Ausgaben och an deenen nächste Joren ze tätegen. Wann an deenen nächste Joren elo nach eng méi massiv Diminutioun vun de Recettë géing kommen, da muss een ebe bei verschiddene Projeten an deem Moment kucken, ob een déi ganz oder nëmmen hallef mécht. Dat hu mer och an der Vergaangenheet esou gemaach wéi mer d'Nordstrooss ugefaangen hu mat bauen. Do hu mer gesot, mä wa mer ënnerwee net fäerdeg ginn, da muss een déi an der Halschent ophalen. Mir hunn et konsequent duerchgezunn, an esou geet dat och bei anere Projeten, wann een duerno géif feststellen, datt ee se net all kéint finanzéieren.

Mä mir schreiwen net egal wat an déi Fongen, mir schreiwen déi Projeten dran, déi mer prioritär fannen an déi mer och menge mir kéinten se opgrond vun der aktueller Situatioun finanzéieren. An dofir muss een och e ganz schaarfe Bléck permanent op dat lafend Joer hunn. Et muss een also kucken, wat hu mer gemaach, wat hu mer op d'Säit geluecht fir ze finanzéieren a wéi leeft dat lafend Joer. An dofir kucke mir systematesch dat lafend Joer.

Wann ech kucken, déi dräi éischt Méint vun dësem Joer oder souguer déi fënnef éischt Méint vun dësem Joer, da stellen ech fest, datt mer no dräi bis fënnef Méint vun dësem Joer an der Exécutioun vum Budget do sinn, wou mer am Fong wollte sinn, obschonns datt et ëmmer schwiereg ass eng Momentopnam ze maachen. Dat hänkt zum Beispill dovun of, ob just eng Tranche bei de Steieren erfall ass, wou d'Leit hir Avancë bezuelt hunn, wou d'Betriber eng Echéance haten, dat hänkt op der Dépensësäit dovunner of wéi vill een a verschidde Fongen op engem gewëssene Moment gemaach huet.

Mä wann ech d'Situatioun Enn Mäerz kucken, dat waren och déi Chifferen, déi de Statsminister an der Erklärung zur Lag vun der Natioun genannt hat, dann huet hien Iech du gesot, datt mer zu deem Moment Enn Mäerz e liichten Iwwerschoss an de Recettë par rapport zu de Budgetsdépensen haten, an datt mer en ligne ware mat deene Recettë wéi mer eis se an deem Moment erwaart haten. Wann een einfach d'Joer opdeelt an eng theoretesch Recette rechent op esou vill Zwieleftel vum Joer, da gesi mer, datt mer an de Recettë plus ou moins do si wou mer misste sinn.

Ech iwwerreechen Iech och haut, Här President, déi trimestriell Situatioun, déi mer am Dezember hei versprach haten.

***(M. Luc Frieden dépose un document - à consulter au Greffe de la Chambre des Députés)***

Dat ass also déi vun Enn Mäerz, Dir kritt also Enn Juli déi nächst. Ech kann Iech soen, datt d'Situatioun Enn Mee liicht méi schlecht war wéi déi, déi Dir am Mäerz gesinn hutt. Do sinn awer verschidde Fongen an Zwëschenzäit substanziell dotéiert ginn, wou mer also déi ganz Dotatioun vum Joer scho gemaach hunn. D'Echéance vun de Steiere vum Juni ass net dobäi, dofir, gesidd Der, musst Der am Fong all dräi Méint dat kucken. Dat hate mer am Dezember esou diskutéiert.

Ech iwwerginn Iech elo hei, Här President, d'Chiffere mat den Erklärunge vun Enn Mäerz an ech géing Iech bieden de Membere vun der Finanzkommissioun déi ze ginn, oder och all de Kolleegen hei an der Chamber, fir datt mer déi kënnen am Detail diskutéieren.

D'Konklusiounen awer vun deene Chiffere sinn, datt mer en ligne si mat deem wat mer hei virum Parlament gestëmmt kritt hunn, an datt mer ganz strikt a ganz consciencieux kucken d'Exécutioun vum Budget ze maachen. Mer si bei de Recetten ëm 50 Milliounen en retard, mä wéi gesot dat wäerte mer am Juni ophuelen a wéi gesot, bei den Dotatioune vun de Fonge maache mer et esou wéi et virgesinn ass, mä mer hu se net direkt ganz dotéiert, fir ëmmer deen Equiliber Recetten an Dépensen ze halen, genausou wéi mer dat och an

der Vergaangenheet gemaach hunn, mir si mat trimesteriellen Avancë gefuer.

Ech mengen, datt mer et fäerdeg bréngen och an dësem Joer en équilibréierten oder e méi équilibréierte Budget ze halen. Dat hu mer iwwregens och 2002 hei am Parlament gesot an deemools huet all Mënsch gesot: 2002, Katastroph, et gëtt een décken Defizit. Dat ass net komm, mä ech soen, dat kënnt nëmmen, wa mer ganz strikt sinn, esouwuel op der Ausgabesäit wéi op der Recettësäit, woubäi mer op der Ausgabesäit eis ëmmer mussen un der Recettësäit inspiréieren. Mat vill Discipline op béide Säite wäert d'Exécutioun vum Budget esou bleiwe wéi mer et versprach hunn. Am Budget 2000…

***(Interruption)***

Ma dach, ech kann Iech déi Budgetsrieden…

**Une voix**.- Jo dach, dat hätt ech awer gären wann Der mer dat zitéiert.

***(Interruption)***

**M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget.*- Ech bréngen lech dann déi Rieden, mä et ass och egal, op jiddfer Fall…

***(Interruption)***

Mä tant mieux wann Der dann alleguerte sot, Dir hätt dat och fir 2002 virausgesinn, da kënnt Der dat jo och positiv stëmmen.

Ech stelle fest, an ech hätt gären, datt d'Leit am Land feststellen, opgrond vun de Chifferen, datt mer 2001 de Budget am Equiliber hunn, am Iwwerschoss hunn. Ech hätt gären, datt Dir heibannen an d'Leit am Land feststellen, datt mer 2002 de Budget am Equiliber hunn an en Iwwerschoss hunn, a mir wäerten alles dru setze fir dat och 2003 esou ze behalen.

An ech soen Iech, wa mer dat responsabel maachen, wa mer wëssen, datt mer hei net mat de Statssuen ëmginn, mä mat de Sue vun de Steierzueler, a wa mer net alles zugläich realiséieren an an de Wahlprogrammer an an de Rieden net egal wat fuerderen, dann ass et mer och net Angscht fir d'Budgeten 2004 an 2005 an och net 2006, mä dofir mussen déi, déi dat responsabel maachen, och weider d'Responsabilitéit an deene Beräicher behalen.

Déi, déi Angscht virun deene Joren hunn, déi mussen da soen op wat déi Angscht baséiert, dat hu se de Mëtten net gesot, si hunn einfach gesot do wäre falsch Chifferen, se kënnten dat net ënnerleeën. Ech mengen, wann ee verantwortungsvoll mat de Suen ëmgeet, da kann een och déi Budgete vun deenen nächsten dräi Joer op eng raisonnabel Aart a Weis maachen. Mir wäerten...

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Här Minister, am Spidolsfong sinn net déi richteg Chifferen.

**M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget.*- Also éischtens emol huet gëschter d'Chamber, mengen ech, e Gesetz gestëmmt wat deem Spidolsfong nach méi Dépensen agesat huet. Dann hätt Der missen an der Logik dovunner emol eng Rei vun…

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Wien huet dee Projet dann erabruecht hei?

***(Interruptions et brouhaha général)***

**M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget.*- Mir hunn en erabruecht, well mer der Meenung sinn, datt déi…

***(Interruptions)***

Selbstverständlech, mir hunn en erabruecht, well mir jo och net soen, wéi den honorablen Här Bodry, datt et falsch Chiffere wieren.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Am Fong si falsch Chifferen. Dann äntwert net egal wat, am Fong si falsch Chifferen.

**M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget.*- Dann hätt Der gëschter net sollen dee Projet stëmmen.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Da gitt eis déi richteg Chifferen.

**M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget.*- Dat sinn déi richteg Chifferen.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Neen, dat sinn nach ëmmer déi al Chifferen. Déi Enveloppe supplémentaire, déi gëschter gestëmmt ginn ass, ass net dran.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).*- Déi ass net an de Fongen dran.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Ech verstinn elo, firwat dass den Här Asselborn Äre Spëtzekandidat ass.

***(Hilarité)***

**M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget.*- Also, op jiddfer Fall mengen ech, soll een dat onopgereegt kucken. Ech si frou, datt d'Joer 2001, wat den Objet vun dësem Projet de loi ass, esou e Resultat hat, an datt dat d'Oppositioun opreegt kann ech verstoen. Ech wär opgereegt, wann d'Resultater anerer wären. Ech si frou, datt d'Resultat esou ass. Ech si frou, datt mer de Projet, de Kont 2002 esou ofgeschloss hunn. Ech wär frou, wann och d'Parlament dee geschwë kënnt…

***(Interruptions)***

Ech hoffen, datt mer och no de Wahlen, Här Bodry, kënnen op eng responsabel Aart a Weis déi Budgetspolitik viruféieren, mä ech soen awer zugläich, dofir kann et weder am Budget 2004 nach an de Wahlprogrammer, déi d'Oppositioun vläicht éischter schreift wéi d'Majoritéit, Versprieche ginn, déi net ze finanzéiere sinn.

Well d'Zäite si schwiereg an an Zäite vu Schwieregkeeten, an déi sinn do, d'Recetten am Finanzsecteur gi manner grouss, dat muss ee soen an et muss een dorauser d'Konsequenzen zéien. Dat muss ee calme maachen, dat muss ee responsabel maachen, an dofir brauch een och eng gewëssen Erfahrung, déi op der Vergaangenheet baséiert. Mir wäerten dat mat der nämlechter Rou virumaachen an eis do net vun deenen aus dem Konzept bréngen loossen, déi d'Joren 2005 an 2006 elo scho fäerten.

Ech soe merci all deenen, déi dëse Projet stëmmen a virun allem dem Rapporteur, deen dat esou kurz und bündig, mä dofir prezis hei presentéiert huet.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. D'Parole après ministre vum Här Krecké.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).*- Här President, ech wëll dem Kolleeg Budgetsminister an Erënnerung ruffen, wat eis Partei gesot huet zu de Konten an zum Budget.

***(Interruptions)***

Mir hunn net behaapt, an dat ass nozeliesen, Här Minister, dass am Joer 2002 géing en Defizit laut eisen Normen entstoen. Mir hu gesot: Dir rett Iech esouguer iwwert d'Wahlen ewech, doduerch dass Der wahrscheinlech 2004 nach e Budget en équilibre vläicht kéint presentéieren an duerno «kommt das grosse Erwachen», bei de Konte vun 2003, hu mer gesot, an doudsécher beim Budget 2005. Nozeliese bei deem wat ech gesot hunn am Numm vun eiser Fraktioun, näischt anescht hu mer gesot. Wann ech glift leet eis net eppes an de Mond wat mer net gesot hunn. Mir hunn also net gesot, den Defizit vun 2002.

Wann Der awer wëllt, wëll ech énnersträichen, dass dat nëmme laut eise Regelen ass. Wa mer d'Regelen huele vu Bréissel, dann hu mer Defizit. Wann Der dat gär héiert, da soe mer Iech et. Do hu mer gesot, déi si kloer virgezeechent, a mir hunn hei keng Polemik doriwwer elo gefouert. Mä wann ech glift, gitt nëmmen dat erëm, wat mer wierklech gesot hunn.

**M. le Président**.- Den Här Frieden freet d'Wuert.

**M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget.*- Fir datt d'Leit dobaussen dat och verstinn, wëll ech nach eng Kéier soen, datt wann een d'Recettë minus d'Dépensë vun engem Joer kuckt, dann ass dat wat den Här Krecké virdru gesot huet - ech hat dat och a menger Ried gesot - richteg.

Well d'Investitiounsausgaben an dëse Joren, duerch gewollte Politik vun der Regierung, si méi héich wéi d'Recettë vun deem Joer, mä déi Méiausgaben, déi mer hunn, déi bezuele mer net op Puff oder op Suen, déi mer net hunn, mä op déi Suen, déi mer wëssentlech a wëllentlech op d'Säit geluecht hunn, notamment am Joer 1999 an 2000, wou d'Excédentë ganz héich waren, an och 2001, wat Der elo grad stëmmt a sollt stëmmen, well da kënne mer dee Speck nach méi uleeën. Dat wat hei gemaach gëtt, dat wat Dir haut stëmmt ass dee Speck, fir datt mer déi Investitiounsausgabe kënne stëmmen. An domadder hale mer no eiser Kontabilitéit dat wat mer erakréien, en plus dat wat mer op d'Säit geluecht hunn, am Equiliber mat deem wat mer ausginn.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Den Här Ben Fayot kritt d'Parole après ministre.

**M. Ben Fayot** *(LSAP).*- Et ass net d'Parole après ministre, mä ech wollt eppes riichtstellen, wat den Här Rippinger elo éinescht gesot huet. Ech wëll just soen, dass ech dat fir deen Entretien de Mëtte mat der iranescher Delegatioun nokontrolléiert hunn, an dass ech keng Invitatioun kritt hunn. Ech sinn net bekannt als een hei an der Chamber, dass ech net un internationale Konversatioune mat Delegatiounen deelhuelen. Ech hunn also keng Invitatioun dofir kritt an ech konnt also och net deen Ableck bei där Invitatioun derbäi sinn. Dat, well den Här Rippinger geduecht huet, hei express d'Sozialiste missten ervirzestréichen, dass se hir parlamentaresch Flichten net géife wouerhuelen.

***(Interruptions)***

**M. le Président**.- Dont acte. Esou vill wéi ech weess hu mer alleguerten als Deputéierten d'Informatioun kritt vun der Visite vun den Iraner haut, an do stoungen d'Nimm vun all deene Leit, déi an der Kommissioun vun den Affaires étrangères sinn, drop. Normalerweis hätt missen den Här Ben Fayot a sengem Courrier électronique déi Invitatioun och hunn. Dann ass säi Courrier électronique vläicht net gaangen. Mä esou vill wéi ech weess, huet d'Chamber dat do verschéckt.

***(Interruptions)***

Voilà. Den Här President huet mech gefrot, vu dass déi iranesch Delegatioun nach hei ass a vu dass hien net kann hei sinn, fir dann elo d'Ofstëmmung net ze maachen zu dësem Projet, mä ze waarde bis nom zweete Projet.

## 6. 5122 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

**M. Norbert Haupert** *(CSV), rapporteur.*- Här President, fir unzefänken erlaabt mer, datt ech zwee Mercien hei wëll ausspriechen. E Merci u meng Kolleegen aus der Kommissioun, déi bereet waren zwee Deeg, nodeem datt de Statsrot säin Avis geholl huet, dëse Projet an der Chamber hei ze evakuéieren. Dat ass e Beweis, datt mer an der Chamber schnell reagéiere kënnen, wann et ëm wirtschaftlech Intérêtë vun eisem Land geet. Dat ass mat Sécherheet och e Standuertvirdeel fir Lëtzebuerg, an ech sinn iwwerzeegt, dass de Statsminister an de Wirtschaftsminister, wa se am Ausland fir nei Betriber werben, och dat Beispill wäerten zitéieren.

En zweete Merci geet un d'Beamten aus dem Finanzministère, dem Administrateur général Gast Reinesch a sengem Mataarbechter, dem Romain Heinen, fir hir hëllefräich Erklärungen zu engem wierklech komplizéierten Text.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Projet 5122 gesäit d'Ëmsetze vun zwou EU-Direktiven an eis national Gesetzgebung vir.

Déi éischt Direktiv ass déi iwwert d'Facturatioun am Beräich vun der TVA an huet als Objektiv d'Modernisiérung, d'Harmonisatioun an d'Vereinfachung vun der Facturatioun.

Wat d'Modernisatioun ubelaangt, esou versicht de Projet sech der Entwécklung vun deenen neien Technologien unzepassen, andeems datt hien éischtens déi elektronesch Rechnungen zouléisst, zweetens d'Transmissioun vun de Rechnungen iwwert den elektronesche Wee méiglech mécht an drëttens den elektronesche Stockage vun de Rechnungen an de Kontabilitéitsdokumenter erlaabt, an dat an iergendengem Land vun der Europäescher Unioun.

Weider gesäit d'Direktiv eng Harmoniséierung a sämtlechen EU-Länner vir, wat den Datum vun de Rechnungen ubelaangt an d'Angaben, déi mussen op enger Rechnung enthale sinn. Dat sinn der am Ganzen 13.

Wat den drëtten Objectif ubelaangt, dat heescht d'Vereinfachung vun der Facturatioun am Beräich vun der TVA, esou erlaabt déi Direktiv éischtens d'Autofacturatioun, dat heescht an Zukunft kann och ee Client, wann hien dat mat sengem Fournisseur ofgeschwat huet, eng Facture erstellen.

Zweetens gesäit se vir, d'Sous-traitance vun der Facturatioun, dat heescht de Fournisseur brauch seng Facturatioun net méi a sengem eegene Betrib ze maachen, mä hie ka se an en anere Betrib outsourcen.

Drëttens gesäit d'Direktiv d'Facturation périodique vir, dat heescht e Fournisseur ka sämtlech Liwwerungen, déi hie mat deemselwechte Client huet an déi an engem selwechte Mount geschitt sinn, op enger Facture zesummefaassen.

Véiertens gesäit d'Direktiv eng vereinfacht Form vun der Rechnung vir, wann de Betrag net méi wéi 100 Euro ass.

Fënneftens gesäit d'Direktiv d'Wiel vun der Sprooch an der Währung an där d'Rechnung verfaasst ass vir, fir deen, deen d'Rechnung ausstellt. Déi eenzeg Obligatioun fir Lëtzebuerg ass déi, datt d'TVA awer muss an Euroen ausgedréckt sinn.

Zum Schluss gesäit d'Direktiv och vir, dass bei engem Lot vu Rechnungen un deeselwechte Fournisseur, pardon, un deeselwechte Client déi allgemeng Angaben, déi op all Rechnung sinn, nëmmen eemol brauchen unzegi sinn.

Déi zweet Direktiv ass déi iwwert den TVA-Regime bei de Radios- an Televisiounsservicer a verschidden Déngschtleeschtungen, déi iwwert den elektronesche Wee geliwwert ginn. Den Haaptobjektiv vun dëser Direktiv ass d'Konkurrenzverzerrung, déi nom heitege Regime tëschent de Fournisseuren aus den EU-Länner an deenen aus Drëttländer besteet, aus der Welt ze schafen.

D'TVA ass jo eng Verbrauchersteier a misst am Prinzip och vum Ennverbraucher bezuelt ginn an deem Land zegutt kommen, wou de Konsument wunnt. Well deen awer meeschtens net der TVA ënnerläit, hält dee leschte Fournisseur d'TVA zréck an dréit se un d'Verwaltung of. Bei den elektroneschen Déngschtleeschtungen ass et méi schwéier den Ennverbraucher ze lokaliséieren an doduerch waren och d'Liwwerunge vun esou Servicer vun der EU an Drëttländer net ëmmer vun der TVA befreit. Par contre waren d'Importatioune vun esou Servicer vun engem Drëttstat an en EU-Land net ëmmer vun der TVA erfaasst an doduerch ass déi Wettbewerbsverzerrung tëschent den EU-Lieferanten an den Drëttlännerlieferanten entstanen.

Fir deem opzehéiere gesäit d'Direktiv folgend Prinzipie vir wat d'Ortsbestëmmung vun der TVA-Besteierung ubelaangt:

1. Bei Liwwerungen tëschent den EU-Länner an Drëttlänner geschitt d'Besteierung am Land wou den Empfänger säi Wunnsëtz huet.

2. Bei Liwwerungen tëschent zwee EU-Länner geschitt d'Besteierung, am Fall wou den Ennverbraucher der Steier, der TVA net ënnerworf ass, also wou den Ennverbraucher non assujetti à la TVA ass, am Land vum Fournisseur; an am Fall wou den Empfänger en Assujetti ass, also och der TVA ënnerworf ass, geschitt d'Besteierung am Land vun dem Empfänger. Deen huet jo all Méiglechkeet an och besonnesch Intérêt fir d'TVA ze deklaréieren, well hie se jo duerch de Wee vun der Déductibilitéit vun der TVA en amont ka selwer ofhalen.

Dëse Prinzip huet als Konsequenz, datt bei Liwwerungen tëschent engem EU-Land an engem Drëttland d'Exporter aus den EU detaxéiert sinn an d'Importer an en EU-Land besteiert ginn an deem Land, dat se importéiert. Doduerch missten d'Fournisseuren aus den Drëttstaten sech an all EU-Land mat deem se elektroneschen Déngschtleeschtungsverkéier hu fir d'TVA identifizéieren. Fir deene Fournisseuren awer hir Aufgab ze erliichtere gesäit d'Direktiv vir, datt se nëmmen an engem EU-Land sech ze identifizéiere brauchen, an datt dat Land d'TVA mat deenen anere Länner verrechent, d'TVA, déi nom Taux vun deem jeeweilegen Importland zur Rechnung gedroe gëtt.

Eng zweet Konsequenz vun deem Prinzip ass déi, datt bei Liwwerunge bannent der EU un en Ennverbraucher de Fournisseur a sengem Land d'TVA nom Taux vu sengem Land erhieft. Dat bréngt e Standuertvirdeel fir dat Land mat sech, dat deen niddregsten TVA-Saz an der EU huet. Dat ass nun eemol eist Land, wa mer vun der Spezialdispositioun fir Madeira ofgesinn.

Eng weider Konsequenz ergëtt sech aus der Ëmsetzung vun dëser Direktiv fir eis Betriber, déi Servicer iwwert den elektronesche Wee

vermëttelen. D'Direktiv gesäit nämlech vir, datt déi Drëttlandfournisseuren, déi sech an engem EU-Land fir d'TVA identifizéieren, all dräi Méint eng Deklaratioun mussen ofginn. Eise Règlement grand-ducal gesäit awer vir, datt vun engem gewësse jährlechen Ëmsaz un eis Betriber eng monatlech Deklaratioun mussen ofginn.

Dës Differenz tëscht enger monatlecher an trimestrieller Deklaratioun hätt en Trésoriersvirdeel fir déi Drëttlandlieferante mat sech bruecht, wat erëm zu enger Wettbewerbsverzerrung gefouert hätt. Dofir huet d'Regierung och de Règlement grand-ducal esou ëmgeännert, datt déi zu Lëtzebuerg etabléiert Betriber, déi Servicer iwwert den elektronesche Wee vermëttelen, nëmmen eng trimestriell Deklaratioun brauchen ofzeginn, och wa se e gewëssene Seuil vum Ëmsaz iwwerschreiden.

Wat d'Ortsbestëmmung fir d'Besteierung vun de Radios- an Televisiounsservicer ubelaangt, esou ass d'Kommissioun vu Bréissel der Meenung, datt den Uert wou déi Servicer wierklech gebraucht an exploitéiert ginn, dee beschte wier fir d'Besteierung virzehuelen. Esou gouf déi Bestëmmung och an de Projet iwwerholl.

Eng lescht Bestëmmung vun der Direktiv 2002/38/CE ass déi vun der obligatorescher Akzeptatioun vun der Verwaltung vun den elektroneschen TVA-Deklaratiounen. Hei geet eise Projet méi wäit wéi d'Direktiv, andeems se d'Transmissioun vun der Deklaratioun an och vun Dokumenter an Informatiounen, déi tëscht der Verwaltung an dem Contribuable zirkuléieren, iwwert den elektronesche Wee erlaabt. Dat ass ee wichtege Schrëtt an d'Richtung vun eLëtzebuerg, an d'Chamberskommissioun kann deenen anere Verwaltungen, déi déiselwecht Dokumenter vun eise Betriber verlaangen, nëmmen un d'Häerz leeën sech och an déi Richtung ze équipéieren, fir datt eis Betriber och mat hinnen iwwert den elektronesche Wee kënne communiquéieren, wat eng wesentlech Vereinfachung vun der administrativer Aarbecht vun eise Betriber géing mat sech bréngen.

D'Chambre des Métiers, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an d'Chambre de Travail hunn e favorablen Avis zu dësem Projet ofginn. Och dem Statsrot säin Avis ass favorabel wat de Fong vum Projet ubelaangt. Wat d'Form betrëfft, schléit de Statsrot e puer textlech Ännerunge vir, mat deenen d'Chamberskommissioun och averstanen ass. Dofir proposéiert d'Kommissioun der Chamber dëse Projet esou ze stëmme wéi en hei virläit.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Lucien Clement** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäi Merci géllt fir d'éischt dem Rapporteur, dem Norbert Haupert fir säin exemplaresche schréftleche wéi och mëndleche Rapport, déi allebéid, géif ech soen, séier, prezis an ausféierlech op déi wichtegst Dispositiounen aus dësem Gesetz higewisen hunn. De Rapporteur ass wéi schonns erwähnt op eng ausféierlech Aart a Weis op déi eenzel Dispositiounen aus dem Gesetz agaangen. Ech, fir mäin Deel, wëll vu menger Riedezäit profitéieren an op déi Punkte vum Gesetz agoen, déi fir de Mëttelstand eng tragend Roll spillen an doriwwer eraus e wichtege Schrëtt a Richtung Verwierklechung vun der Strategie eLëtzebuerg duerstellen.

Här President, dat virleiend Gesetz transposéiert, wéi de Rapporteur et schonns gesot huet, zwou Direktive vun der europäescher Kommissioun an eis national Législatioun. Et ass dat zum engen d'Direktiv 2001/115 iwwert d'Facturatioun vun der TVA an zum aneren d'Direktiv 2002/38 iwwert den Taxatiounsregime vun de Radios-, Diffusiouns- an Televisiounsdéngschtleeschtungen, esou wéi iwwert verschidden aner Déngschtleeschtungen, déi iwwert den elektronesche Wee geliwwert kënne ginn, wéi zum Beispill d'Fourniture vu Logicielen oder d'Maintenance vu Programmer.

D'Transpositioune vun dësen zwou Direktiven droen ouni Zweifel zum Ausbau vum elektroneschen Handel an eisem Land bäi. Dat ass iwwregens och d'Meenung vun der Chambre des Métiers, déi ënner anerem an hirem Avis zu dësem Gesetzestext Folgendes festhält: «…les législations s'appliquant aux entreprises en général, et celles ayant trait à la fiscalité en particulier, devront à l'avenir davantage tenir compte des progrès réalisés au niveau des technologies d'information et de communication. Cette prise en compte pourra le cas échéant déboucher sur une réduction des charges administratives à supporter par les entreprises.»

D'Direktiv 2001/115 iwwert d'Facturatioun huet als iewescht Zilsetzung d'Vereinfachung, d'Moderniséierung an d'Harmoniséierung vun de Konditioune fir d'Facturatioun vun der TVA, bei gläichzäiteger Bäibehalung vun all de Kontrollméiglechkeeten duerch d'Verwaltung selwer. Mat der fréizäiteger Ëmsetzung vun dëser Direktiv wëllt d'Regierung op en neit Zeeche setzen, fir eiser Ekonomie dee Kader zur Verfügung ze stellen, deen deenen neien technologeschen Entwécklungen a grousse Linnen och Rechnung dréit.

D'Haaptännerunge vum Gesetz vum 12. Februar vun 1979, déi sech aus der Transpositioun vun der Direktiv 2001/115 erginn, betreffen an der Haaptsaach den Artikel 61, wou d'Aféierung vun der Autofacturation vun der Sous-traitance vun de Facturatiounsoperatiounen esou wéi den Etablissement vun de periodesche Facturë festgehale gëtt. Am Artikel 62 gi wesentlech Modifikatioune wat d'Form vun de Facturen ugeet festgehalen, an do ganz besonnesch d'Mentiounen, déi op de Facturë musse stoen. Zu gudder Lescht betrëfft den Artikel 69 de Stockage électronique vun de Kontabilitéitsbicher an och vun de Facturen.

Wat d'Dispositiounen iwwert d'Autofacturatioun iwwert d'Sous-traitance vun de Facturatiounsoperatiounen esou wéi d'Facture périodique ubelaangen, esou si verschidde Punkten hei ervirzehiewen. Bis elo war et ëmmer esou gewiescht, datt de Steierpflichtege selwer verpflicht ass eng Facture ënnert deene bekannte Konditioune bei der Verwaltung ofzeginn. Mat dësem Gesetz gëtt et elo méiglech, datt de Steierpflichtegen sech nëmme vergewëssert, datt eng Facture ofgi gëtt, dës lescht kann awer och a sengem Numm et pour son propre compte duerch de Client selwer oder duerch eng drëtt Persoun etabléiert ginn.

Dat heescht also, datt d'Facturatioun duerch Sous-traitance vun elo u mat dësem Gesetz och méiglech gëtt. De Gesetzestext seet allerdéngs wéineg iwwert déi genau Modalitéite vun der Sous-traitance aus, ausser datt de Steierpflichtegen, wéi schonns gesot, sécherstelle muss, datt och eng Facture ausgestallt ginn ass, an dat no den Dispositiounen aus dem Gesetz iwwert d'TVA. D'Modalitéite musse selbstverständlech ënnert de Concernéierten och ofgestëmmt ginn.

Wat elo d'Facturatioun duerch de Client ubelaangt, esou gesäit de Projet vir, datt se muss ofgeséchert sinn duerch e préalablen Accord tëschent dem Assujetti an dem Client selwer. D'Modalitéiten an d'Konditioune vun der Facturatioun mussen hei am Viraus ofgestëmmt sinn. All Facture muss doriwwer eraus enger Akzeptatiounsprozedur duerch de Steierpflichtegen ënnerzu ginn, egal ob dat eng Livraisoun vu Gidder oder vun Déngschtleeschtungen ass. Dës Akzeptatioun ass och elo a Form vun elektronescher Ënnerschréft awer méiglech.

Wat d'Facturation périodique betrëfft, esou erlaabt de Projet d'Erstelle vu periodesche Facturatiounen amplaz vu separate Facturatiounen no all Liwwerung. Dat ass awer nëmme méiglech fir déi Liwwerungen, déi sech innerhalb vun engem an deemselwechte Mount vollzéien.

Eng aner wichteg Innovatioun, déi sech aus dësem Projet ergëtt, ass d'Méiglechkeet fir d'Facturatiounen iwwert den elektronesche Wee kënnen ze verschécken, à condition datt den Accord vum Destinataire hei och virläit. Des Weidere muss awer hei den authentesche Charakter an d'Origine selbstverständlech garantéiert bleiwen. Fir esou eng Modalitéit hierzestelle kënnen zwou Prozeduren am Prinzip an d'A gefaasst ginn:

- zum engen duerch eng Signature électronique avancée am Sënn vun der Direktiv 1999/93 iwwert de communautairë Kader fir d'Signatures électroniques;

- zum aneren duerch en informatiséierten Informatiounsaustausch, wéi beschriwwen an der Recommandatioun 1994/820 vun der europäescher Kommissioun iwwert déi juristesch Aspekter vum informatiséierten Informatiounsaustausch, à condition datt den Accord iwwert dësen Informatiounsaustausch gläichzäiteg d'Prozedure virgesäit, déi wéi schonns virdrun erwähnt den authentesche Charakter an d'Integritéit vun den Donnéeën och garantéieren.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Wat den Datum an d'Form elo vun de Facturatiounen ubelaangt, esou gesäit deen neien Text vir, datt d'Facturë spéitstens de 15. vun deem Mount, no dem Datum vun der Liwwerung vun de Gidder, respektiv vun der Prestatioun vun den Déngschtleeschtungen erstallt musse ginn. D'Mentiounen, déi op de Facturë musse sinn, sinn déi, déi och an der Direktiv enthale sinn. Et sinn der 13 un der Zuel.

Eng Facture awer, wou de globale Montant taxe comprise net iwwer 100 Euro erausgeet, muss net all Obligatiounen erfëllen. Hei limitéieren d'Mentiounen sech op den Datum vun der Emissioun vun der Rechnung, den Numm an d'Adress vum Fournisseur, d'Quantitéit an d'Natur vun de Gidder oder vun den Déngschtleeschtungen, de Montant taxe comprise esou wéi den Taux vun der Taxe, deen applizéiert gouf. D'Ënnerschréft vun der Facturatioun ass an dësem Fall och net obligatoresch.

Wat déi normal Facturen elo betrëfft, esou kann den Auteur vun der Facturatioun d'Währung an d'Sprooch selwer wielen. De Montant vun der Taxe selwer muss awer allerdéngs an Euroë libelléiert sinn. D'Steierverwaltung huet awer d'Recht fir ze froen, datt d'Facturatioun - dat kënnt zwar wahrscheinlech nëmmen dann, wann d'Facturatioun aus Drëttlänner kënnt - op franséisch oder däitsch iwwersat muss ginn.

Duerch dat neit Gesetz ass elo séchergestallt, datt d'Facture électronique en matière de TVA elo mat der Facture op traditionellem Pabeier coexistéiert an och gläichgestallt ass, à condition datt sech d'Iwwermëttlung vun den Donnéeën op eng fiabel Manéier och an dësem Fall vollzéit.

De Gesetzestext vereinfacht virun allem den administrativen Opwand fir déi kleng a mëttelstänneg Entreprisen. Wat d'Mentiounen op de Facturen ubelaangt, esou sinn dës harmoniséiert ginn. De Projet gesäit des Weideren als Vereinfachung vir, datt déi Facturatiounen, déi iwwert den elektronesche Wee an engem Lot un een an deeselwechten Destinataire geschéckt ginn, datt hei déi gemeinsam Mentiounen nëmmen eng Kéier mussen enthale sinn.

***(Coups de cloche de la Présidence et interruptions)***

Also, Här Rippinger, ech wëll Iech soen, dat wat ech elo hei soen, ouni datt Der nogelauschtert hutt, do hutt Dir nach kee Wuert dovunner erkläert kritt.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).*- Dat ass ganz richteg.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Ganz gutt geschwat, Här Clement.

Dir hutt fir de Mëttelstand geschwat, ech hunn dat do ënnen nogelauschtert. An ech approuvéieren dat wat Der gesot hutt.

***(Brouhaha général)***

Loosst Iech net stéieren!

**M. Lucien Clement** *(CSV).*- Neen, neen.

Als leschte wichtege Punkt vum virleiende Gesetzestext bleift ervirzehiewen, datt den Text, wat d'Transmissioun vu verschiddenen Deklaratiounen iwwert den elektronesche Wee ubelaangt, u sech méi wäit geet wéi d'Direktiv dat virgëtt. De Procédé vun dëser Dateniwwermëttelung gëtt vun där zoustänneger Verwaltung accordéiert, sous condition datt d'Origine vun den Dokumenter, esou wéi d'Integritéit, d'Confidentialitéit, esou wéi och d'Korrektheet vum Inhalt vun der Deklaratioun och weiderhi séchergestallt sinn.

D'Chambre des Métiers huet an hirem Avis vum 4. Juni 2003 dës Moossnamen ausdrécklech ervirgehuewen. Si begréisst virun allem, datt sech d'Optioun och op d'Demande d'autorisation fir den Taux super-réduit fir d'Créatiouns- a Renovatiounsaarbechten erstreckt. Grad dat wäert den administrativen Opwand vun den Entreprisë justement am Bausecteur zolidd reduzéieren. Demandë fir den Taux super-réduit accordéiert ze kréie gehéiere mëttlerweil - kann ee roueg soen - zu den alldeeglechen administrativen Aufgaben oder Aarbechte vun engem Betrib.

Et bleift awer elo festzehalen, datt eng ganz Partie vu Verwaltungen nach net op dës Ännerungen um technesche Plang virbereet sinn. Och wann d'Enregistrementsverwaltung beispillsweis zesumme mam Centre Informatique de l'Etat a mat verschidde Fiduciairen amgaangen ass den entspriechende Programm auszeschaffen, esou mussen awer nach eng ganz Rei vun aneren Administratiounen do nozéien.

Déiselwecht Remarque, Här President, wëll ech och am Kontext vun der Signature électronique uniforme maachen. Och hei muss ganz schnell eng Regelung op europäeschem Niveau kommen. An der Praxis ginn d'Leit net méi ganz gutt eens domat, wann eng Bank oder eng Verwaltung hir hauseege Virstellungen iwwer esou eng Regelung huet, wéi esou eng Signature électronique soll ausgesinn. Ech mengen et wär wichteg wa mer do eng europäesch Regelung hätten, déi do géif festleeën, wéi dat ze geschéien huet.

Ofschléissend bleift awer nach festzehalen, datt déi am Projet enthale Moossnamen e wichtegen an e richtege Schrëtt sinn a Richtung eLëtzebuerg, a selbstverständlech och e Schrëtt sinn a Richtung Ofbau vun den administrative Chargen. Ech brénge meng Hoffnung zum Ausdrock, datt sech den Elan an de Succès vun dëse Moossnamen och op aner Verwaltungen, déi e groussen administrativen Opwand bedreiwen, iwwerdroen.

Mam Accord vu menger Fraktioun wäert ech da schléissen an ech soen Iech merci, fir déi, déi nogelauschtert hunn.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir mengem Virriedner ze weisen, datt ech nogelauschtert hunn, muss ech him soen, dass säi Luef, deen hien ausschwätzt, dass elo eng Verwaltung sech endlech e bëssen elektronesch erneiert huet, fir mech nach net en Zeechen ass. Dee Schrëtt, dee mer elo gemaach hunn, deen ass wuel no vir - et géif och nach feele mir géifen en no hanne maachen -, mä dat ass wierklech nëmmen en Trëppelschrëtt a mir misste scho ganz grouss Schrëtt ënnerhuele fir iwwerhaapt emol kënne Schrëtt ze hale mat deenen anere Verwaltungen, guer net ze schwätze mat deem wat sech gedoen huet am Privatsecteur.

Dofir géing ech den Här Clement just wëllen drun erënneren, d'Resultater, déi viru kuerzem elo erauskomm sinn, PISA II, déi si vläicht encourageant, et kann ee soe wa virdrun en Zentimeter an der Fläsch war, elo sinn der dräi dran, dann ass dat e Riseschrëtt fir hien, mä fir mech heescht et, dass de Gros vun der Fläsch nach ëmmer eidel ass, an de Gros, Här Clement, vun eisen Administratiounen hänkt nach ëmmer hoffnungslos hannendran.

Ech sinn effektiv frou mat Iech festzestellen, dass zumindest elo emol op engem Punkt, an deem vun der TVA, den Enregistrement vläicht e bësse Schrëtt hält mat der Evolutioun, déi längst an deenen anere Länner, déi wesentlech manner finanziell Méiglechkeeten hate wéi mir der an deene leschte Joren haten, fäerdeg bruecht ginn ass. Et bleift awer och, dass fir de Particulier nach wie vor dat net méiglech ass, mä et ass mer gesot ginn, dass dat an nächster Zäit kënnt. De Particulier, deen och kann Assujetti sinn, kann nach net ënnert där doter Form dorunner bedeelegt ginn.

Et bleift awer, dass déi aner grouss Administratioun, nämlech déi direkt Steieren, nach ëmmer meilewäit ewech sinn an dat ass bedenklech, einfach well de politesche Wëllen op der Säit vun der Regierung manifestement net do ass. Dat do dauert elo scho säit Joren, dass déi Administratioun eleng gelooss gëtt. Ech weess net wie Schold un där doter Saach ass. Ob de Wëllen op politescher Säit ass? Oder ob de Wëllen an der Administratioun ass? Mä mir stelle fest, dass déi wichtegst Administratioun, déi mer wahrscheinlech am Moment nach ëmmer hunn, nämlech déi vun den direkte Steieren, nach kee Schrëtt an déi do Richtung gemaach huet an och nach muer soubal net wäert fäerdeg sinn.

Dat fir ze soen, dass ech awer mengen, dass d'Explikatiounen, déi vum Rapporteur hei komm sinn, vum Här Haupert, absolut kloer - ech muss wierklech soen, dass hien dat op eng ganz propper an anstänneg Aart a Weis hei gemaach huet -, d'Nécessitéit gewisen huet fir d'TVA-Behandlung ze adaptéieren u Geschäftspratiken, u Secteuren, déi vläicht trotzdeem nach fir eist Land am Moment e bëssen nei sinn. Net nëmme fir eist Land, mä och op europäeschem Plang.

Dofir ass et normal, dass mer an där Démarche, déi iwwert déi Direktiv komm ass, matgemaach hunn. Hien huet ënnerstrach, dass d'Oppositioun och hei gewisen huet, dass se responsabel ka sinn, well mir hunn hei all Prozeduren,

déi d'Chamber normalerweis kennt, op d'Kopp gepucht a mir hu gewisen, dass mer der Regierung an där doter Saach wëllen de Réck stäipen, well se jo onbedéngt dat do esou schnell wéi méiglech wollt ëmsetze fir gegebenenfalls deen een oder anere Betrib, dee sech ugemellt huet, hei net ze vergraulen. A fir ze weisen, dass mer voll hannert där Saach stinn, hu mer och déi Prozedur hei op d'Kopp gestallt a mir ware bereet, wat jo ganz, ganz seelen de Fall ass, eppes wat gëschter eréischt als Rapport an der Kommissioun war, haut schonn op den Ordre du jour ze huelen.

Den Här Haupert huet dat unerkannt, ech wollt dat nach eng Kéier ënnersträichen, fir dass et och kloer ass, Här Rippinger, dat wat ech scho beim Etat de la nation gesot hunn, dass mer hannert där Saach stinn. Et bleiwen trotzdeem déi Bedenken, déi ech och gëschter geäussert hunn an der Finanzkommissioun. Wann een esou wëllt sinn et net Bedenken, mä einfach Virsiicht ass gebueden, an zwar muss ee wëssen, dass dee groussen Atout, firwat dass déi eng oder déi aner Entreprise elo bei eis kënnt opgrond vun eiser neier Regelung, awer trotzdeem deen niddregen Taux vun der TVA ass.

Ech si mer bewosst, dass dat net den eenzegen Atout wahrscheinlech ass, mä et ass awer ënnert den Atoutë wahrscheinlech dee wichtegsten, mä mir wëssen, dass et muer awer ëmmer nach zu enger Ugläichung ka kommen. Et goufe jo scho Bestriewungen, déi mer 1992 ofgewisen hunn, fir vill méi en harmoniséierten Taux ze hu wéi mer en elo hunn. Déi Palette, dee Spread, dee mer hunn tëschent deenen eenzelne Länner, deen ass nach risegrouss. Deen ass 1992 probéiert ginn auszegläichen, deen hu mer deemools mat vill Méi probéiert ofzewenden. Mir hunn eng ganz Rei Regelungen deemools geholl, déi jo och e reduzéierten Taux beinhalten, mä d'Gefor ass nach ëmmer ginn, dass muer dat eng Kéier ännert, wat ech fir eist Land net wäert hoffen.

Et ass och net ze verkennen, dass jo eng gewësse Gefor dra läit, well d'Kommissioun jo och gesot huet si wéilt e Bericht no dräi Joer iwwert d'praktesch Ëmleeung vun där Direktiv hei maachen, an et brauch een net ganz schlau ze si fir ze wëssen, dass d'Kommissioun sech natierlech Gedanke mécht, dass déi eng oder déi aner Distorsioun vläicht kéint optauchen, an dass, wa se esou schnell scho wëllt ee Bericht iwwert eppes maachen, se eben Zweifelen huet ob d'Ëmsetzung vläicht esou vollzu gëtt, wéi si sech et vläicht virstellt a wéi eenzel Länner, déi haut zähneknirschend dat do geschléckt hunn, sech virstelle wéi dat an Zukunft geet.

Dofir hoffe mer, a mir sollen net ze vill dovunner schwätzen, mengen ech, dass mer deen een oder anere Betrib doduerch heihinner gelackelt kréien. Mir sollen net de Feeler maachen, deen dee Moment d'Banke gemaach haten, déi den Avantage, deen evident war op eiser Bankeplaz, och nach a groussen Annoncen an den Zeitungen, och an auslänneschen Zeitunge gewisen hunn. Ech mengen dat wär net gutt an dat kéint héchstens d'Leit opmierksam maachen op Evolutiounen, déi eisem Land gënschteg sinn an déi awer anerer kënnte jalous maachen, esou wéi mer dat scho kannt hunn.

Doriwwer eraus, mengen ech, beinhalt dat hei jo och an der Praxis eng Vereinfachung effektiv doduerch, dass elo och sämtlech Betriber, och déi, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, op en anere Modus vun der Deklaratioun kënnen iwwergoen. Ech wëll an Erënnerung ruffen, dass mer esouwäit ech weess nach ëmmer och an der Taxe d'abonnement déi Praxis hunn, dass do trimestriell ofgerechent gëtt an heiansdo dérisoire Chifferen do erauskommen, dat heescht do gëtt eng Saisie gemaach vun engem klenge Chiffer, deen do e Betrib ze deklaréieren huet, an dat gëtt da 4-mol am Joer gemaach, anstatt dass dat eemol am Joer gemaach gëtt. Dat ware sengerzäits, wéi ech mech op alle Fall nach kann drun erënneren, ongefeier 1.200 Frang pro Trimester. Do stellt sech wierklech d'Fro: Firwat gëtt dat net eng Kéier am Joer gemaach?

Ech verstinn dat bei grousse Chifferen, bei grousse Montantë vun der Taxe d'abonnement. Dass déi Chifferen deemools net adaptéiert gi sinn, hunn ech net normal fonnt. Ob dat haut de Fall ass, entzitt sech menger Kenntnis, mä de Minister weess garantéiert vu wat ech schwätzen a wäert mer jo och dorop eng Äntwert ginn.

Ech wollt awer nach op ee Problem opmierksam maachen. Dat ass dee vun de Retardë bei der TVA. Mir hunn hei ze di mat engem Secteur, deen, dat muss een zumindest wëssen, ganz volatil ass, dat heescht wa muer Leit mengen, dass den Avantage concurrentiel, deen eist Land ka bidden, net méi ginn ass, dass een hei relativ schnell d'Diere kann zoumaachen a goen. Hei brauch een net ganz Betribsproduktlinnen ofzebauen. Hei hëlt ee seng Computeren ënnert den Aarm an et geet een. Dat heescht, dass et Betriber sinn, déi muer relativ schnell kënnen, aus Gott weess wellechen Iwwerleeungen, hei zoumaachen, an dass, wa mer där Betriber elo ulackelen, där doter Natur, ech einfach fannen, dass mer zu enger anerer Praxis mussen iwwergoen, wat de Paiement vun der TVA ubelaangt.

Ech ginn net midd dat ze ënnersträichen, dass ech et net normal fannen, dass ech keng Strof kréien, wann ech higinn, wann ech meng Deklaratioun eraginn, a meng TVA net bezuelen. Dann ass net direkt hannendrun eng Strof. Mir alleguerten heibannen, d'Bierger alleguerten, déi Avancë musse bezuelen op hiren direkte Steieren, wëssen, dass wa se den 10. Juni net bezuelen, dann ass dat nach net schlëmm. Wa se awer den 2. Juli, an dat ass geschwënn, eréischt bezuelen, hu se Zënsen, an ech fannen dat net méi wéi normal.

***(Interruption)***

Jo, dat ass nach eng aner Saach. Ech kommen dorop. Leet Äre Kapp a Rou. Dir kennt jo meng Leier.

Ech fannen dat eng richteg Praxis, dat bréngt eis alleguerten dozou, wa mer eng Kéier d'Saach verpasst hunn oder den Trick probéiert hu méi spéit ze bezuelen, dann hu mer Zënsen a mir kréie se net ewechgeholl.

Ech fannen et net normal, dass ech eng Strof kréien als Betrib, wann ech meng TVA-Deklaratioun net eraschécken, mä wann ech d'Deklaratioun eraschécken an ech bezuelen net, dann ass alles an der Rei. Dat fannen ech net normal. Dat dauert heiansdo Joren. An déi Retarden, déi am Moment ugewuess sinn op 40 Milliarden aler Lëtzebuerger Frangen, fannen ech net normal, an där Saach kucke mer no, ouni dass mer eng Reform virhuelen.

Mir stëmmen hei ee Projet nom anere wat d'TVA ubelaangt, ouni iergendeppes un där Praxis do ze änneren, obscho mer säit '97 wëssen, zu wat dass dat do féiert. An d'Administratioun kann eis esou vill erzielen an der Finanzkommissioun wéi se wëllt, déi Retarden, déi mer hu si mëttlerweil inakzeptabel ginn. Egal wat se erzielen iwwert déi Suen, déi och nach par ailleurs d'Betriber zréckzekréien hunn.

Well och dat, dat si jo net ëmmer déiselwecht Betriber, déi ze bezuelen hunn, déi och Suen zréckzekréien hunn. An do ass et ganz richteg wat hei elo gesot ginn ass, et ass nach wie vor net normal, dass d'Zënsen no uewe ginn, wann Dir oder mir net bezuelen, also dass wa mer eppes zegutt hunn, an engem raisonnablen Zäitraum, wou d'Administratioun sécherlech hir Zäit krut fir kënnen ze remboursëieren, dass do net och Zënsen drop sinn.

Ech bleiwen dobäi, dat ass eppes wat fir mech inakzeptabel ass. Dat ass scho säit laangem bekannt an et ass ëmmer gesot ginn do wären administrativ Barrièrë fir dat do ze maachen. Eppes wat déi klengste Bank mat dräi Leit ka fäerdeg brénge, brénge mir scheinbar net fäerdeg. Dat ass a bleift fir mech e Problem, besonnesch wéi gesot wa mer vu Betriber schwätzen, déi elo vun der Aart a Weis wéi se virginn, vun der Aart a Weis wéi se hiren Invest tätegen, garantéiert net schrecklech usässeg hei zu Lëtzebuerg sinn a relativ schnell och hir Diere muer kënnen zoumaachen a goen. Mir riskéieren héchstens, dass do eng ganz Rei Retarden, déi sech dann accumuléiere bei esou Betriber, wa mer esou virugi wéi mer et bis elo gemaach hunn, einfach fort sinn. Déi récupéréiere mer ni. Aner Leit, déi hei wunne bleiwen, wëssen, dass se bis op de leschte Centime awer da musse bezuelen.

Ech fannen dat einfach net normal, quitte dass et net direkt eppes mat den eigentlechen Ausféierunge vum Här Haupert ze dinn huet. Mä ech muss dat ëmmer erëm lass ginn, well ech fannen, dass et net an der Rei ass an net richteg ass.

Fir de Rescht muss ech der Regierung soen, dass mer selbstverständlech eisen Appui ginn, net nëmmen iwwert de Fong, mä och iwwert d'Form hu mer gesot, dass mer d'accord wieren dat esou schnell wéi méiglech ëmzesetzen an, Här President, domadder bréngen ech den offiziellen Accord vu menger Fraktioun.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

**M. Gusty Graas** *(DP)*.- Här Krecké, ass dat Ären?

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Jo, dat ass mäin. Ech gesinn zwar och kloer ouni Brëll.

**M. Gusty Graas** *(DP)*.- Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass jo eng Tatsaach, datt mer an enger Gesellschaft liewen, wou déi modern Kommunikatiounsmëttele jo ëmmer méi u Bedeitung gewannen. Besonnesch an deem leschte Jorzéngt huet sech jo eng rasant Entwécklung vollzunn. Virun e puer Joer huet een nach gemengt de Fax zum Beispill wier dat modernst Instrument fir eppes schréftlech weiderzeginn an haut huet natierlech den Internet eis voll am Gréff. Op där anerer Säit däerf een awer net vergiessen, datt e Rapport schonn am Joer 1996 vun der OECD u sech d'Diskussioun iwwert de Commerce électronique ugekuerbelt hat an haut nëmme siwe Joer méi spéit kënne mer feststellen, datt den elektronesche Commerce jiddefalls an eiser Gesellschaft ëmmer méi wichteg gëtt.

Vill Déngschtleeschtunge gi jo elo schonn iwwert dee Wee ofgewéckelt. Sief dat zum Beispill d'Bereetstelle vu Websäiten oder den Onlinezougréff op PCen. De Commerce électronique zwëschent den Entreprisë selwer mécht haut ronn dräi Véirel vum gesamten elektroneschen Déngschtleeschtungsbetrib aus. Dovu kënnen natierlech haaptsächlech d'PMEe profitéieren, well virun allem d'Produktivitéit u sech erhéicht gëtt, well d'Zouliwerungskäschte wéi eben och d'Produktiounsdauere reduzéiert kënne ginn.

Dësen technesche Fortschrëtt huet natierlech och seng Incidence op dat ekonomescht Ëmfeld, a wie jiddefalls wëllt mat der Ekonomie Schrëtt halen, dee muss ouni Zweifel hei vill Efforte maachen, well e soss awer riskéiert op déi zweet Plaz ofzerutschen. Dofir ass et och wichteg, datt de Législateur gläichzäiteg eben och d'Ëmfeld upasst, an ech mengen dat mannst wat een awer ka soen ass, datt dës politesch Majoritéit permanent versicht der Ekonomie dat beschtméiglechst legislatiivt Ëmfeld ze schafen.

Ech wëll och an deem Kontext hei kuerz aus dem Avis vun der Chambre des Métiers zitéieren, déi dat u sech gutt op de Punkt bruecht huet. Si huet geschriwwen: «…les législations s'appliquant aux entreprises en général, et celles ayant trait à la fiscalité en particulier, devront à l'avenir davantage tenir compte des progrès réalisés au niveau des technologies d'information et de communication.»

Ënnert deem Gesiichtspunkt muss een also och dat Gesetz kucken, wat mer haut hei stëmmen, wat natierlech vun enger ganz grousser Komplexitéit ass, mä wat trotzdeem eng grouss Wichtegkeet awer och huet. Dat gesäit ee jo awer och wann een déi eenzel Avisë vun deene verschiddene Beruffschamberen duerchliest, datt se ëmmerhin ëmmer erëm drop hiweisen, datt et sech hei wéi gesot ëm e ganz importent Gesetz handelt.

D'Aféierung vun der elektronescher Facture ass natierlech en Novum a wat et och erëm erlaabt de Betriber Zäit an och gegebenenfalls Geld ze spueren. Et ass dat ouni Zweifel eng wichteg nei Etapp, déi vläicht net iwwerall direkt op grouss Begeeschterung trëfft. Et däerf een ni vergiessen, datt et nach ëmmer awer Leit an eiser Gesellschaft ginn, déi vläicht éischter Tendenz hu méi op dat Traditionellt zréckzegräifen. Mä ech sinn awer iwwerzeegt, datt dat hei sech awer lues a lues och wäert an deenen nächste Joren duerchsetzen.

Dann de Stockage vun den elektronesche Facturë mat den Annexen, dee ka jo an Zukunft u sech oder muss um Niveau vun all Land an der Eurpäescher Unioun jo och geschéien. Dat bréngt dann awer och mat sech, datt gegebenenfalls auslännesch Verwaltunge kënnen an eist Land komme fir Kontrollen ze maachen. Dat ass jo awer och de Beweis, datt Europa ëmmer méi zesummewiisst, an datt Europa u sech ëmmer méi e Ganzt gëtt.

Wa mer elo vun Transmissioune vu Facturen iwwert den elektronesche Wee schwätzen, da kënnt een natierlech och net derlaanscht fir nach e Wuert iwwert d'Signature électronique ze verléieren. Si spillt jo virun allem eng wesentlech Roll an deene kommerzielle Verträg, déi jo iwwer Internet zum Beispill gemaach ginn. Mam Gesetz 4641 vum 14. August 2000 hate mer jo hei de legislative Kader fir d'Signature électronique geschafen. Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, datt entre-temps jo och en Interesseverband geschafe ginn ass, de LuxTrust, wat et wéi gesot och erlaabt, datt d'öffentlech Hand an de Privatsecteur méi zesummen hei an dësem Domän schaffen.

Da schaaft dat Gesetz hei awer och eng Rei Inégalitéiten aus der Welt, wat eben d'Applicatioun vun der TVA ubelaangt, wat u sech mat sech bréngt, datt d'Compétitivitéit vun de Betriber insgesamt an der Europäescher Unioun jo verbessert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat elo d'Aféierung vun dem Régime spécial ubelaangt, esou wëll ech awer hei drun erënneren un déi Remarken, déi d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics gemaach huet. Ech menge mir sollen déi awer trotzdeem eescht huelen. Si weise jo awer drop hin, datt gegebenenfalls kann elo eng nei Well vun Immatriculatiounen op Lëtzebuerg zoukommen, wat dann als Konsequenz hätt, datt natierlech um Niveau vun der betreffender Verwaltung misst zousätzlecht Personal oder en zousätzlechen Equipement zur Verfügung gestallt ginn, esou datt ee wéi gesot déi Entwécklung awer muss de près suivéieren.

Da wëll ech awer virun allem nach op en interessante Volet vun dësem Gesetz hiweisen. Dat ass natierlech déi elektronesch Deklaratioun. Et ass gutt, datt vun der Transpositioun vun dësen zwou EU-Direktive profitéiert gëtt fir ebe wéi gesot och elo de Lëtzebuerger Betriber et ze erlaben hir Deklaratioun iwwert den elektronesche Wee eranzeginn.

Et ass och ze begréissen, datt den Enregistrement an de Centre Informatique de l'Etat elo dat méiglech gemaach hunn. Och wann hei vu mengem Virriedner et nach ëmmer duergestallt ginn ass wéi wann um Niveau vun der Verwierklechung vum Konzept eGovernment näischt géing geschéien, esou ass dat hei awer e wichtege Schrëtt, deen een awer net soll ignoréieren an deen dozou bäidréit zumindest de Betriber et awer ze erméigleche méi schnell a méi direkt kënnen esou Aarbechten ze erleedegen an, wéi gesot, Roum ass jo och net an engem Dag gebaut ginn, wéi se jo ëmmer esou schéi soen. Et kann ee jiddefalls dat hei nëmme beluewegend ervirsträichen.

Sécher, ech deelen och déi Meenung, déi hei vun eenzelne Leit schonn ënnerstrach ginn ass, datt soll versicht ginn, datt och aner Verwaltungen zousätzlech Efforte solle maachen, fir datt ebe gewëssen administrativ Aarbechte kënnen an Zukunft verstäerkt iwwert den elektronesche Wee ofgewéckelt ginn.

D'Demokratesch Partei begréisst jiddefalls dëst Gesetz, well et jo awer eng Rei vun Avantagen och fir eist Land matbréngt. Besonnesch wann ee bedenkt wann Operatioune mat Net-Assujettis gemaach ginn, well mir jo awer hei zu Lëtzebuerg ee vun deene klengsten TVA-Sätz an der Europäescher Unioun hunn. Ech wëll just drun erënneren, datt eis Noperen d'Belsch op 21% sinn an d'Finnen op 23%. Da läit et also op der Hand, datt jo awer gewësse Betriber sech natierlech vum Standuert Lëtzebuerg ugezu fillen.

Ofschléissend wëll ech awer och nach dem Kolleeg Norbert Haupert merci soen, deen an där ganz kuerzer Zäitspan et awer fäerdeg bruecht huet dee komplexe Sujet hei flott a gutt ze erklären an deen och en interessante Rapport gemaach huet. An deem Sënn bréngen ech selbstverständlech och d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll am Numm vun eiser Fraktioun dem Kolleeg Norbert Haupert merci soen. Hien hat eis dëse Projet jo gëschter an der Kommissioun ganz explizit erklärt an hien huet dat haut de Mëtten nach méi am Detail gemaach. Nodeem wat all d'Noriedner hei gesot hunn, muss ech Iech soen, fält et mer schwéier eppes Neies zu dësem Projet nach ze soen. E Projet, dee mer sécherlech musse stëmmen, deen am Intérêt vun eiser Ekonomie ass, deen och bewisen huet, datt d'Lëtzebuerger Parlament queesch duerch d'Fraktioune bereet ass séier ze agéieren, wann et noutwendeg ass an ech mengen deen hei ass wierklech am Schnellverfahren duerchgaangen. Et ass och gutt an et ass wichteg, datt mer dat maachen, an ech géif och dofir vun eiser Säit aus d'Zoustëmmung bréngen.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Den nächste Riedner ass den Här François Bausch.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, Här President, ech kann et och kuerz maachen, well den Här Haupert huet ausgiebeg hei d'Technicitéit vum Projet erkläert. Ech wëll vläicht just awer soen, datt et net richteg ass, gëschter an der Kommissioun ass vun engem Vertrieder d'Impressioun opkomme gelooss ginn, wéi wann dee Projet hei ausschliesslech géing gemaach gi wéinst AOL an Amazon.

Et ass esou, datt effektiv de Projet sécherlech beschleunegt ginn ass, datt mer e relativ séier dowéinst ëmsetzen, an dat fannen ech och gutt, mä ech mengen et ass awer och esou, datt dee Projet hei wichteg ass aus deenen anere Grënn, déi den Här Haupert och hei gutt erkläert huet.

Nämlech éischtens d'Distorsion de concurrence, déi haut scho besteet fir Betriber innerhalb vun der Europäescher Union par rapport zu Pays tiers, am Kontext virun allem vum Commerce électronique, an dat soll een alles net ënnerschätzen, well ech sinn der Iwwerzeegung et gëtt verschidde Branchen haaptsächlech am Déngschtleeschtungsberäich, haaptsächlech och am Beräich vum Tourismus zum Beispill, wou de Commerce électronique eng immens Envergure scho kritt huet an déi Envergure, déi gëtt ëmmer méi grouss mat enger enormer Vitesse. Et sinn ëmmer méi Leit, haaptsächlech jonk Leit, déi de Commerce électronique benotzen, a wat e méi sécher gëtt - an e gëtt ëmmer méi sécher an deenen nächste Méint a Joren -, gëtt dat e Beräich, deen immens zouhuele wäert, well e virun allem praktesch ass, well een och vill Méiglechkeeten huet fir Vergläicher ze maachen iwwer Internet, zum Beispill vu Präisser fir verschidde Saachen, déi ee kafe wëllt.

An deem Sënn ass et och wichteg, dass dee Projet hei relativ séier ofgestëmmt gëtt, an net nëmme well mer zwee grouss Fësch un der Angel hunn, déi mer aus deene bekannte Grënn gären op Lëtzebuerg hätten, mä och am Intérêt vun der Ekonomie insgesamt an am Intérêt vum Consommateur. Mir hunn dofir guer kee Problem, fir dëse Projet ze stëmmen.

**M. le Président**.- Als leschten Diskussiounsriedner huet de Kolleeg Serge Urbany d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Här President, den Här Bausch huet sécherlech Recht, wann hien hei seet, dass dee Projet de loi net zréckzeféieren ass op d'Presenz vun AOL an Amazon hei zu Lëtzebuerg, mä op eng europäesch Direktiv.

Dat eenzegt, wat op déi Presenz zréckzeféieren ass, dat ass déi Vitesse mat deem de Projet de loi elo ofgeweckelt gëtt, wann ee bedenkt, dass en eréischt de 24. Abrëll vun dësem Joer déposéiert ginn ass, nodeem dat bekannt gi war, an dass all d'Avisen innerhalb vun zwou, dräi Woche komm sinn, inklusiv gëschter eréischt de Schlussrapport vun der Kommissioun a mer haut schonn driwwer ofstëmmen, wat et natierlech néideg gemaach huet fir sech an enger ganz kuerzer Zäit an dee Projet de loi eran ze knéien. Ech hu mer déi Méi gemaach, anerer heibanne schénge méi légère doriwwer ewechzegoen.

Déi europäesch Direktiv ass drop zréckzeféieren, dass wat d'TVA ugeet, deenen europäeschen E-Commerce-Firmen, dat heescht déi, déi Bicher, Toundokumenter, Filmer, Computerprogrammer iwwer Internet ubidden, hir Situatioun bis elo ongënschteg geregelt war, doduerch dass d'TVA facturéiert gouf nom Sëtz vun der Firma, och wann hir Clienten net an Europa waren, awer dass déi Firmen aus Drëttlänner, déi Servicer an Europa ubidden, keng TVA bezuelen. Dat heescht um Export läit d'TVA. Um Import zum Beispill aus den USA, déi jo wierklech marktführend an deem Beräich sinn, läit keng TVA.

De Rapport schwätzt do zu Recht vun enger Distorsioun vun de Wettbewerbsbedingungen. D'Direktiv vun 2002 seet, a si mécht dat och géint de Widderstand vun deenen, déi e steierfräien E-Commerce verlaangen, zum Beispill an den USA, dass generell op E-Servicer, déi an Europa geleescht ginn, eng TVA muss opgehuewe ginn, egal vu wou aus déi Firma operéiert, och wann dat aus dem Ausland ass. Wa se hire Sëtz am Ausland huet liwwert se déi encaisséiert TVA bei engem vun den EU-Länner of, bei deem se sech enregistréiert, an dat Land leet d'TVA da weider. Facturë ginn ausgestallt vun de Firmen nom TVA-Saz, deen an den europäesche Länner existéiert, wou d'Clientë vun deene Servicer wunnen.

Et gëtt awer eng notabel Ausnahm fir eng begrenzten Zäitperiod vun dräi Joer, wou muss frësch verhandelt ginn. Dat ass, wann europäesch Firmen u Privatleit an aneren europäesche Länner Prestatioune maachen, da maachen se dat nom Taux, deen an deem Land besteet, wou se etabléiert sinn an net an deem Land, wou de Consommateur wunnt. Dat ass eng Regelung, déi ganz staark ëmstridden ass, an do si mer bei der aktueller Diskussioun iwwer AOL an Amazon. Dorobber hin hunn déi zwou amerikanesch Firmen décidéiert sech hei zu Lëtzebuerg ze etabléieren, do wou jo de Basis-TVA-Saz am niddregsten an Europa ass.

Dat heescht, dass wann Amazon eng Bicherbestellung kritt aus Schweden, do wou den TVA-Saz mengen ech 25% ass, facturéiert se eng TVA vu 15%, dat heescht de schwedesche Client huet en Avantage vun 10% an déi Leit kommen dann natierlech alleguerte bei Amazon zu Lëtzebuerg kafen a Lëtzebuerg kasséiert d'TVA. Dat heescht natierlech och, dass Lëtzebuerg vu sengem niddregen TVA-Saz vu 15% profitéiert, sech domat e Wettbewerbsvirdeel verschaaft par rapport zu anere Länner, an et incitéiert och Firme sech op Lëtzebuerg ze délocaliséieren, net nëmmen amerikanescher, mä och europäescher.

Et ass wouer, deen niddregen TVA-Saz zu Lëtzebuerg, d'Regierung seet dat ëmmer, och zu Recht, ass net fir AOL gemaach ginn. En ass e Bestanddeel vun enger Politik vun niddregen indirekte Steieren, déi och eisen Appui huet, well mir wëssen alleguerten, dass indirekt Steieren ongerecht sinn. D'Aarbechterkummer seet zu Recht, deen niddregen TVA-Saz misst generell och zu Lëtzebuerg bäibehale ginn. Ech géif souguer soen, och déi reduzéiert TVA-Sätz misste generell bäibehale ginn, zum Beispill dee vun 3% op de Bicher an de Geschäfter. Et misst een déi Regelung op jidde Fall bäibehalen, fir dass den Handel zu Lëtzebuerg en Avantage behält par rapport zum Handel iwwer Internet.

Et bleift onsécher weiderhin, well et si vill Widderständ dergéint, dass déi aktuell Regelung bäibehale gëtt. D'Regierung hofft, dat huet se gesot, dass déi Firmen awer bleiwe wäerten, well se och aner Avantagen hunn.

Ofschléissend wëll ech nach e puer allgemeng Saache soen. Ech sinn der Meenung, dass ee längerfristeg an Europa misst zu enger Steierpolitik komme vun direkten europäesche Betribssteieren op engem relativ héijen Niveau, dat heescht, do wou de Räichtum geschafe gëtt soll en och ofgeschöpft ginn, eventuell gestaffelt no differenzéierte sozialen an ekologesche Kritären, an dat Ganzt misst begleet sinn, menger Meenung no, vun enger Harmoniséierung vun der TVA an Europa um ënneschten Niveau.

De Moment awer huet Lëtzebuerg souwuel déi niddregst direkt Steiere wéi och déi niddregst indirekt Steieren an Europa. An ech sinn der Meenung, an do si mer e bëssen an der Diskussioun vu virdrun iwwert de Budget, dass dat net opgoe kann. Doraus ka keen héije sozialen an ekologesche Standard entstoen, weder bei eis hei nach an der Groussregioun ronderëm. Ech mengen, dass Lëtzebuerg net ëmmer weider kann Aktivitéiten unzéien no Dumpingsbedingungen, ouni och gläichzäiteg seriö ëmzeverdeelen.

Fir mengem ongudde Gefill Ausdrock ze gi bei där ganzer Entwécklung, wat net onbedéngt eppes direkt ze dinn huet mat deem Gesetzesprojet hei, deen een isoléiert eventuell kéint stëmmen, wëll ech mech awer bei dësem Projet enthalen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Budgetsminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden**, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Regierung a virun allem vum Finanzminister, dee fir d'TVA-Législatioun zoustänneg ass, awer zu Thessaloniki um Sommet ass, géing ech der Chamber wëlle merci soen, virun allem dem Rapporteur, dem Här Haupert, mä och deenen anere Kolleegen aus der Kommissioun, déi hei schnell dëse Projet de loi gekuckt an hir Analys dovu gemaach hunn.

Schnellegkeet fannen ech, contrairement zum Här Urbany, eppes Positives. Mir sollen eis dach freeën, dass mir et fäerdeg bréngen an engem breede Konsens zu Lëtzebuerg Gesetzer net jorelaang schleefen ze loossen. Zënter Abrëll bis Enn Juni, dat ass jo och net nëmmen een Dag. Ech fannen et positiv, wann d'Leit en Text seriö kucken an dann och schnell kënnen hir Meenung dozou soen. Dat ass hei geschitt.

Dëst Gesetz ass fir d'Regierung, an ech stelle fest fir déi ganz breet Majoritéit vun dësem Haus, e wichtegt Gesetz fir de Lëtzebuerger Standuert. Och dofir misst am Fong all Deputéierten derfir sinn. Ech stellen hei déi konstruktiv Haltung vun dem Gros vun den Oppositiounsparteie fest. Et ass e wesentlecht Gesetz fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg, awer och fir e fiskalesche Kader dem Commerce électronique ze ginn an en domadder méi unzekuerbelen. Dat ass einfach eppes, wat een an dëser Zäit an engem Konkurrenzkader an Europa braucht. Mir wëlle gutt sinn an deem dote Secteur an dofir musse mer eis déi Instrumenter ginn opgrond vun deenen Texter, déi Europa eis erlaabt.

Hei setze mer d'Direktiven ëm a gebrauchen dee Spillraum, deen d'TVA-Direktiv, och déi, déi mer 1991 ugeholl hunn, wat d'Sätz ubelaangt, eis gëtt. Dat hei ass positiv fir déi Betriber, déi kommen, a fir déi Betriber, déi do sinn. Et ass richteg, dass den Här Bausch dat nach eng Kéier extra ënnerstrach huet. Ech freeë mech iwwert déi Betriber, déi kommen. Mech stéiert dat net, vläicht anescht wéi den Här Urbany, dass dat amerikanesch Betriber sinn, ganz am Géigendeel. Ech hätt gären, dass Betriber aus Drëttstate kommen, well se hei dat richtegt Ëmfeld virfannen.

Ech wëll Iech just soen, dass déi Betriber och net nëmme komme wéinst der TVA-Gesetzgebung. Ech war bei verschiddene vun deene Gespréicher an Amerika d'lescht Joer dobäi, an do hu se och op d'Telekommunikatiounsinfrastruktur higewisen, do hu se op déi schnell Décisiounen higewisen, op den direkten Accès zu den Autoritéiten, op dat méisproochegt Personal, wat se hei virfannen.

Et gëtt also eng ganz Rei vu Facteuren, déi zesumme selbstverständlech mat der fiskaler legislativer Gesetzgebung dozou féieren, dass esou Betriber op Lëtzebuerg kommen. Et ass och eng administrativ Vereinfachung fir déi Betriber, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn. Och an deem Sënn gëtt hei eng Regierungspolitik ëmgesat an d'Regierung seet duerfir all deene Kolleege merci, déi dësen Text positiv begutachtet hunn a si seet och am Viraus merci fir déi positiv Ofstëmmung, déi sech schéngt hei erauszeschielen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5122 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugeholl.

Domat wier d'Lecture ofgeschloss a mir kéimen zum Vote vum virleiende Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5122 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou decidéiert.

## 7. 5083 - Projet de loi sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2001 (suite)

Da stëmme mer och elo nach of, dat heescht mir maache fir d'éischt d'Lecture vun den Artikele vum deem Projet virdrun. Do war d'Discussion générale ofgeschloss. Dat ass de Projet 5083 iwwert d'Iwwerschëss vum Joer 2001.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of iwwert de Projet de loi 5083, deen iwwert d'Iwwerschëss vum Joer 2001.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5083 ass ugeholl mat 33 Jo-, 13 Nee-Stëmmen an 13 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nelly Stein), Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

***Motion 1***

Dann hu mer nach eng Motioun hei, déi den Här Alex Bodry abruecht huet. Déi Motioun ass verdeelt ginn. Si ass explizéiert ginn an ech menge mir kéinten dofir och direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Ass e Vote électronique verlaangt?

***(Assentiment)***

Also da stëmme mer elektronesch driwwer of.

Mir mussen ee Moment waarden.

Mir stëmmen also of iwwert d'Motioun vum Här Bodry.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass ofgeleent mat 33 Nee- a 26 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-*

*Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nelly Stein), Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Da kéime mer elo zum nächste Punkt. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 4807 iwwert d'Pratiques commerciales restrictives. Et sinn ageschriwwen: den Här Clement, d'Madame Delvaux an den Här Greisen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

## 8. 4807 - Projet de loi portant modification de la loi du 2 septembre 1993 créant les conditions requises pour l'application

## 1. de la loi modifiée du 17 juin 1970 concernant les pratiques commerciales restrictives

## 2. du règlement n° 17 du Conseil de la Communauté européenne du 6 février 1962, pris en exécution des articles 85 et 86 du Traité de Rome

## 3. du règlement (CEE) n° 4064/89 du 21 décembre 1989 relatif au contrôle des opérations de concentration entre entreprises

***Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports***

**M. John Schummer** *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4807 portant modification de la loi du 2 septembre 1993 créant les conditions requises pour l'application 1. de la loi modifiée du 17 juin 1970 concernant les pratiques commerciales restrictives 2. du règlement n° 17 du Conseil de la Communauté européenne du 6 février 1962, pris en exécution des articles 85 et 86 du Traité de Rome 3. du règlement (CEE) n° 4064/89 du 21 décembre 1989 relatif au contrôle des opérations de concentration entre entreprises viséiert déi lëtzebuergesch Législatioun en conformitéit mat dem CEE-Reglement Nummer 659/1999 vum Conseil vum 22. Mäerz 1999 ze setzen.

Méi spezifesch geet et drëm de Règlement de procédure, deen d'Modalitéite betreffend d'Kooperatioun zwëschent der europäescher Kommissioun an deenen eenzelne Memberstaten, wat d'Aide de l'Etat ugeet, ze adaptéieren. Dëse Projet gesäit vir de Champ d'application vum Gesetz vum 2. September 1993 ze erweideren. Dëst Gesetz vum 2. September 1993, wat d'Konditioune fir d'Kontrolle vun de Pratiques commerciales restrictives fir d'Kommissioun erlabe soll, gëtt also adaptéiert.

Dëse Projet ass den 13. Juni 2001 déposéiert ginn. De Conseil d'Etat ass den 22. Mee 2001 domat befaasst ginn an hien huet och säin Avis den 22. Oktober 2002 ofginn an huet an dësem Avis och verschidde Verbesserungsvirschléi gemaach. Den 11. Mäerz 2003 huet eis Kommissioun meng Wéinegkeet als Rapporteur désignéiert, de Projet an den Avis vum Conseil d'Etat examinéiert, an den 2. Juni 2003 ass de Rapport an der Kommissioun eestëmmeg och ugeholl ginn.

De Conseil d'Etat hat a sengem Avis eng Partie Problemer wat d'Befugnisser vun de Beamten ugeet, déi Kontrolle vu Säite vun der Kommissioun duerchféieren. Et gëtt ebenfalls preziséiert ënnert welcher Form déi lëtzebuergesch Beamten do solle matwierken. D'Detailer sinn am schréftleche Rapport an allen Detailer nozeliesen.

D'Kommissioun vun der Ekonomie, der Energie, der Post an dem Transport hei aus der Chamber huet déi Remarke vum Conseil d'Etat och ugeholl a biet d'Chamber dësen amendéierten Text, deen aus dräi Artikele besteet, esou unzehuelen. Ech bréngen heimat ebenfalls och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Lucien Clement** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur John Schummer merci soe fir säi schréftlechen an och säi mëndleche Rapport. Ech gi gären zou, zu dësem Projet ass am Fong net allze vill ze soen an de Rapporteur huet déi verschidden Dispositiounen aus dem Text och scho gesot.

Ech wëll just ee Wuert, Här President, zum prakteschen Oflaf vun esou engem Contrôle soen, deen am Kader vun den Aides individuelles duerch déi europäesch Instanzen duerchgefouert gëtt. Wa Soupçonë bestinn iwwert d'Legalitéit vun Aiden, da mécht d'Kommissioun Preuven. Ech mengen dat ass och net nëmme bei deenen heiten Aiden de Fall. Dat kenne mer och aus der Landwirtschaft, datt esou Preuven duerchgefouert ginn. Et gëtt national mandatéiert Agenten, déi kënne bei esou enger Kontrollvisite dobäi sinn, mussen et awer net. Si sinn awer au contraire obligéiert dobäi ze sinn, wann de Betrib Schwieregkeet mécht an esou eng Preuve net wëll zoulossen.

De Conseil d'Etat huet a sengem Avis bemängelt, datt den Text net wäit genuch géif goen, esou datt déi Kommissioun nëmmen Zougank huet op déi Dokumenter a Piècen, déi sur place ze fanne sinn. An deem Fall, wou de Betrib sech géif opposéieren, missten natierlech déi national Agentë fir e reibungslosen Oflaf vun esou enger Preuve suergen. Ech géif soen am Fall vu Litigë gesäit d'Gesetz och vir, datt eng Kooperatioun tëschent zwee Etats membres méiglech ass. Selbstverständlech, an ech fannen dat och eng gutt Saach, ass och de Pouvoir vun den Agenten iwwert dëst Gesetz geregelt. Dat sinn, Här President, déi wesentlech Punkten, déi an der Praxis dat Gesetz elei hiergëtt. Ech bréngen och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**M. le Président**.- D'Wuert huet d'Madame Delvaux-Stehres.

**Mme Mady Delvaux-Stehres** *(LSAP).*- Merci, Här President. D'Particularitéit vun dësem Gesetz ass, dass den Titel wahrscheinlech méi laang ass wéi de Corps vum Gesetz, wat awer keng Ursaach ass, fir net dermat d'accord ze sinn, dass de Ministère de l'Economie sech dee Moyen gëtt fir sengen Obligatioune kënnen nozekommen, a wann d'Kommissioun Kontrolle muss maachen a Betriber, dass dann de Ministère de l'Economie hir kann assistéieren.

An deem Sënn géif ech och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Projet bréngen. Merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Greisen agedroen.

**M. Fernand Greisen** *(ADR).*- Här President, ech wëll och just den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet ginn.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Bausch.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG).*- Här President, mir sinn och d'accord mam Projet.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Minister Henri Grethen.

**M. Henri Grethen,** *Ministre de l'Economie.*- Här President, ech wollt der Chamber merci soe fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Text.

**M. le Président**.- D'Diskussioun wier domadder ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4807 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jos Scheuer), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4997, engem Protokoll zur Loi uniforme Benelux iwwert d'Marken. Et sinn ageschriwwen: den Här Haupert, d'Madame Delvaux-Stehres an den Här Greisen.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

## 9. 4997 – Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux sur les marques, signé à Bruxelles, le 11 décembre 2001

***Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports***

**M. John Schummer** *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4997 portant approbation du protocole portant modification de la loi uniforme Benelux sur les marques, signé à Bruxelles, le 11 décembre 2001, ass den 23. Juli 2002 hei an der Chamber déposéiert ginn. Den 3. Juli 2002 huet de Conseil d'Etat de Projet soumetéiert kritt a säin Avis ass den 10. Dezember 2002 mat verschiddene Verbesserungsvirschléi erëm zréckkomm.

A senger Sitzung vum 11. Mäerz 2003 huet d'Ekonomieskommissioun hire President, dat heescht meng Wéinegkeet, als Rapporteur vun dësem Projet désignéiert. An därselwechter Sëtzung sinn dunn de Projet de loi an den Avis vum Conseil d'Etat examinéiert ginn. De Rapport gouf an der Sitzung vum 2. Juni 2003 eestëmmeg ugeholl.

D'Direktiv 89/104/CEE vum 21.12.1988 hat virgesinn déi Législatioune vun de Memberlänner a Bezuch op d'Marke méi ze rapprochéieren. Wéi 1992 d'Benelux-Länner dës Direktiv ëmgesat hu war décidéiert ginn eng minimalistesch Approche zu där Problematik ze huelen, dat heescht eng Adaptatioun vun der Loi uniforme nëmmen op deene Punkten, déi net compatibel mat der Direktiv waren.

D'Pratique vum Droit huet awer iwwert d'Joren ewech gewisen, dass dës Approche net duer gaangen ass fir all d'Problemer ze évitéieren, esou d'Affär Sabel B.V. géint Puma AG, déi am Detail am Exposé des motifs ausféierlech nozeliesen ass, déi e Musterbeispill ass.

Och gesäit de Protokoll d'Aféiere vun enger Procédure d'opposition vir. D'Aféiere vun engem Registre des mandataires en marques wäert et erlaben innerhalb vum Benelux méi effizient d'Qualifikatioun vun de Mandatairë vun de Marken ze kontrolléieren an hinnen eng Qualification Benelux ze verschafen, déi hinnen et erlaabt och an anere Länner vun der Communautéit unerkannt ze ginn. Déi Lëtzebuerger Mandatairen hu keng Problemer, vu dass hir Qualifikatioun duerch eis Gesetzgebung definéiert ass, wat an Holland an an der Belsch eréischt geschéie muss.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Eis Kommissioun huet ebenfalls constatéiert, dass dësen Text eng ganz kuerz Durée de vie wäert hunn, well eng nei Konventioun Benelux en matière de propriété intellectuelle amgaang ass finaliséiert ze ginn. Si ass an der Chamber am Kader vun der Lëtzebuerger Présidence vum Benelux-Parlament virgestallt ginn. D'Kommissioun huet d'Propositioune vum Conseil d'Etat alleguerten ugeholl.

An der Kommissioun hirem Numm bieden ech d'Chamber dësen Text ze stëmmen. All aner Detailer sinn am schréftleche Rapport nozeliesen. Ech bréngen och den Accord vun der demokratescher Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als éischte Riedner ass den Här Norbert Haupert agedroen. Den Här Haupert huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Norbert Haupert** *(CSV).*- Här President, de Rapporteur, den Här Schummer, huet alles gesot, wat zu dësem Gesetzesprojet ze soen ass. Erlaabt mer just op de Régistre des mandataires en marques kuerz anzegoen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg schonn esou e Regëster am Wirtschaftsministère. Fir do kënnen agedroen ze gi muss een eng Autorisation d'établissement vum Mëttelstandsminister hunn. Fir déi ze kréien, muss een eng seriö Qualifikatioun hunn, déi op engem Certificat de réussite berout vun engem Examen am Beräich vun der Propriété industrielle, engem Examen, deen op europäeschem Plang ofgehale gëtt oder vun engem Universitéitsdiplom an de Beräicher vun den techneschen oder juristeschen Diszipline mat engem Zousazstage vun engem Joer. Dat ass eng ganz seriö Qualifikatioun, esou dass mer an deem Beräich net hannendran hänken.

Dat gesot, wéilt ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

**Mme Mady Delvaux-Stehres** *(LSAP).*- Här President, ech denken, dass dës Modifikatioune vum Protokoll Benelux sécher méi eng grouss Sécuritéit ginn, well se déi Divergenzen an der Interpretatioun zwëschent der Direktiv an dem Text Benelux am Secteur vun de Marken aus der Welt schafen.

Den Här Haupert huet grad gesot, dass et zu Lëtzebuerg zwar scho Mandatairë gëtt, mä an der Belsch an an Holland nach net. Dofir ass den Intérêt méi grouss fir déi Länner, esou dass ech mengen, dass dat eng gutt Modifikatioun ass, déi jo och net fundamental den Text ännert. Ech bréngen dofir och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Text.

**M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Greisen.

**M. Fernand Greisen** *(ADR).*- Här President, och ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

**M. le Président**.- D'Wuert huet de Wirtschaftsminister, den Här Henri Grethen.

**M. Henri Grethen,** *Ministre de l'Economie.*- Här President, wéi bei deem Projet virdru soen ech der Chamber merci fir déi breet Zoustëmmung.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4997.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer (par M. Norbert Haupert), Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Théo Stendebach), Emile Calmes, Mme Agny Durdu,*

*MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir den 1., 2. an 3. Juli. Den Ordre du jour dozou gëtt lech schréftlech zoukomme gelooss.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 16.46 heures)***

# MARDI, 1ER JUILLET 2003 — 64E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. Communications
2. Octroi de l'honorariat de ses fonctions à M. Ady Jung
3. Ordre du jour
4. Dépôt d'une proposition de loi
5. Débat d'orientation relatif au document final retenu par la Convention sur l'avenir de l'Europe

   Résolution du groupe LSAP relative à la tenue d'un référendum sur un futur Traité instituant une Constitution européenne

   *(Débat - Motions et Résolution - Votes)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Henri Grethen, Charles Goerens, Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.01 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

## 1. Communications

Ech wollt der Chamber folgend Kommunikatioune maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) En date du 20 mai 2003 la section du POSL de Differdange a introduit la pétition N° 252 contre la fermeture de la pharmacie d'Oberkorn.

3) Le Conseil Interparlementaire Consultatif de Benelux s'est réuni en séance plénière au Sénat de Belgique à Bruxelles les 27 et 28 juin 2003. Y ont assisté MM. Jeannot Belling, Camille Gira, Ady Jung, Jean-Pierre Koepp, Nico Loes, Mme Lydia Mutsch, M. John Schummer et Mme Nelly Stein.

Sous la présidence de M. Jean-Marie Happart, les parlementaires des trois pays du Benelux se sont penchés sur une série de sujets d'actualité avant de rendre hommage à M. Ady Jung, ancien Président de cette Assemblée parlementaire, appelé aux fonctions de Conseiller d'Etat. Pendant 14 ans, M. Jung était un des piliers du Parlement Benelux, par son engagement et les diverses fonctions qu'il y occupait. Il sera remplacé par Mme Nelly Stein, tandis que M. Nico Loes prendra sa relève comme Président de la délégation luxembourgeoise et en tant que Président de la Commission des Affaires économiques, de l'Agriculture et de la Pêche. M. John Schummer quant à lui, assure les fonctions de Vice-président de l'Assemblée pendant la session en cours.

Lors de la séance du vendredi, 27 juin 2003, consacrée en partie au thème de la coopération des pays Benelux dans le domaine de la politique extérieure et de la Constitution européenne, M. Jean-Luc Dehaene, ancien Premier Ministre belge et Vice-Président de la Convention européenne, a présenté au Conseil Interparlementaire les conclusions de sa participation à l'élaboration de la Constitution européenne.

Selon M. Dehaene, la Convention a donné un nouveau souffle à l'Europe qui franchit ainsi un pas important par rapport au Traité de Nice. Le Ministre belge des Affaires étrangères, M. Louis Michel, également présent lors de ce débat, s'est félicité du résultat obtenu, preuve de la grande maturité du débat européen.

La Chambre des Députés était représentée par l'ensemble de la délégation luxembourgeoise aux séances plénières d'été dont l'ordre du jour reflétait notamment les travaux de la Commission des Affaires économiques, de l'Agriculture et de la Pêche, sous présidence luxembourgeoise.

Le ralentissement économique au sein du Benelux, l'importance du secteur touristique, la protection juridique des inventions biotechnologiques, la protection des produits agricoles et la pollution par les nitrates ont autant retenu l'attention que la circulation des personnes, la politique énergétique et les résultats d'un séminaire sur le patrimoine culturel.

L'Assemblée a également parlé budget et pris connaissance des réponses des trois Gouvernements beneluxiens à des recommandations approuvées antérieurement par elle. Certains points de l'ordre du jour nécessitant un complément d'information, ont été reportés à la session d'hiver.

Dans le cadre de cette session, les membres du Parlement Benelux furent reçus par le Bourgmestre de Bruxelles et par la Présidente du Parlement de la région bruxelloise.

4) L'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe a tenu la troisième partie de sa session ordinaire de 2003 du 23 au 27 juin 2003. La délégation luxembourgeoise était représentée temporairement par MM. Gusty Graas, Président, et Marcel Glesener, Vice-Président, ainsi que par Mme Lydie Err, en tant que représentants et par M. Norbert Haupert et Mme Mady Delvaux-Stehres en tant que suppléants.

M. Jonas ?ekuolis a été élu Vice-Président de l'Assemblée à titre de la Lituanie.

En outre la communication de M. Nicolae Dud?u, Ministre des Affaires étrangères de Moldova et Président en exercice du Comité des Ministres, l'Assemblée a écouté le discours de:

- M. Rudolf Schuster, Président de la République slovaque.

Deux débats d'urgence figuraient à l'ordre du jour à savoir un premier sur les menaces qui pèsent sur la Cour pénale internationale et un second sur la Convention sur l'avenir de l'Europe et le Conseil de l'Europe.

Les principaux thèmes débattus à l'Assemblée étaient:

- le rapport d'activité du Bureau de l'Assemblée et de la Commission permanente
- l'observation des élections législatives en Arménie,
- l'agriculture et élargissement de l'Union européenne,
- les enjeux de l'agriculture méditerranéenne,
- les zones où la convention européenne des Droits de l'Homme ne peut pas être appliquée,
- la contribution de la Banque européenne pour la reconstruction et le développement (BERD) au développement économique en Europe centrale et orientale,
- les activités de l'Organisation internationale pour les migrations entre 1998 et 2002,
- les droits et libertés fondamentaux des Chypriotes grecs et des Maronites vivant dans la partie nord de Chypre et la colonisation par des colons turcs de la partie occupée de Chypre,
- les expériences positives des régions autonomes comme source d'inspiration dans la résolution de conflits en Europe,
- le traitement préférentiel des minorités nationales par l'Etat-parent: le cas de la loi hongroise du 19 juin 2001 concernant les Hongrois vivant dans les pays voisins („Magyars"),
- les migrations liées à la traite des femmes et à la prostitution,
- le trafic d'organes en Europe
- la situation des réfugiés palestiniens,
- les droits des personnes détenues par les Etats-Unis en Afghanistan et sur la base de Guantánamo Bay,
- l'environnement et les droits de l'homme,
- les politiques européennes du transport aérien: des choix cruciaux à une période critique.

Sont intervenus également :

- M. Franz Fischler, Membre de la Commission européenne chargé de l'agriculture, du développement rural et de la pêche,

au cours du débat sur l'agriculture et l'élargissement de l'Union européenne,

- M. Jean Lemierre, Président de la Banque européenne pour la reconstruction et le développement (BERD), au cours du débat sur la contribution de la Banque européenne pour la reconstruction et le développement (BERD) au développement économique en Europe centrale et orientale,

- M. Brunson McKinley, Directeur général de l'Organisation internationale pour les migrations (OIM) au cours du débat sur les activités de l'Organisation internationale pour les migrations entre 1998 et 2002.

L'Assemblée a adopté une série de recommandations, de directives et de résolutions en rapport avec les sujets à l'ordre du jour.

5) M. Marcel Glesener assumera la fonction de Président de l'Assemblée de l'Union de l'Europe Occidentale du 2 juillet au 31 décembre 2003.

## 2. Octroi de l'honorariat de ses fonctions à M. Ady Jung

Op der Basis vum Chambersreglement huet de Bureau proposéiert dem Här Ady Jung den Éierentitel vum Député honoraire ze accordéieren.

Ass d'Chamber domat averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

## 3. Ordre du jour

D'Presidentekonferenz huet an hirer Réunioun vum 26. Juni fir dës Woch folgenden Ordre du jour festgehalen.

Haut de Mëtteg hu mer éischtens eng Orientéierungsdebatt iwwert de Verfassungsvirschlag vum europäesche Konvent, zesumme mat enger Resolutioun vun der LSAP iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert déi europäesch Verfassung.

E Mëttwoch de Mëtteg hu mer d'Interpellatioun vum Här Jeannot Krecké iwwert d'Services publics.

En Donneschdeg de Moien um néng Auer:

1) de Projet de loi 4944 iwwert d'Schafung vun der Organisation Internationale de la Vigne et du Vin;

2) de Projet de loi 5064 iwwert d'Veterinärsverwaltung;

3) de Projet de loi 4970, en Ofkommes iwwert de Schutz vun de Wandervigel;

4) de Projet de loi 4721 iwwert d'Contrats fiduciaires;

5) de Projet de loi 4919 iwwert d'Dierwiechter an d'Notariat.

En Donneschdeg de Mëtteg um halwer dräi hu mer:

1) de Projet de loi 5082 iwwert d'Ersetze vun de Schoulmeeschteren a Léierinnen;

2) d'Projets de loi 4818 an 5025, en audiovisuellt Ofkommes mat Frankräich an Däitschland zesumme mat enger Présentatioun duerch de Kommunikatiounsminister vun engem Bilan iwwert d'Filmindustrie zu Lëtzebuerg.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

***(Assentiment)***

D'Wuert freet den Här Marc Zanussi fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

## 4. Dépôt d'une proposition de loi

**M. Marc Zanussi** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt heimat den Dépôt vun enger Proposition de loi maachen, déi sech mat engem Réseau vu kommunale Bibliothéike beschäftegt.

*- Proposition de loi Nº 5172 portant organisation d'un réseau de bibliothèques communales.*

**M. le Président**.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch de Kolleeg Marc Zanussi. Si gëtt weidergeleet un déi zoustänneg Kommissioun an un de Conseil d'Etat.

Haut de Mëtteg hu mer also op eisem Ordre du jour eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Schlussdokument vum europäesche Konvent, zesumme mat enger Resolutioun vun der sozialistescher Fraktioun iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert déi europäesch Verfassung. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Fayot, Helminger, Gibéryen, d'Madame Wagener an d'Madame Err. Als éischte Riedner ass den Här Claude Wiseler agedroen, an domadder kritt den Här Claude Wiseler och elo d'Wuert.

## 5. Débat d'orientation relatif au document final retenu par la Convention sur l'avenir de l'Europe

## Résolution du groupe LSAP relative à la tenue d'un référendum sur un futur Traité instituant une Constitution européenne

**M. Claude Wiseler** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e puer Debatten hate mer schonn an dëser Chamber iwwert de Konvent, e puer Debatten, déi eis déi Zäit, an et ass nach net esou laang hier, d'Méiglechkeet ginn hu fir eis ëm déi grouss Orientatiounen eens ze ginn, fir Richtlinne festzesetzen a fir deene Konventionéierten, déi eis Chamber zu Bréissel vertrueden hunn, se mat op de Wee ze ginn, wa se d'Chamber zu Bréissel géinge vertrieden.

Mir hunn eng Motioun ofgestëmmt virun e puer Méint, wou relativ kloer an däitlech déi grouss Richtlinnen dra stoungen, déi mer wollten oder déi mer gär an deem Text gesinn hätten, deen zu Bréissel am Konvent ausgeschafft ginn ass, also wou mer wollten, dass se berücksichtegt géife ginn.

De Konvent huet och geschafft, huet während Méint, während méi wéi engem Joer seng Aarbecht gemaach, a wann ech haut de Mëtteg

hei stinn, wann ech elo d'Lëscht mat den Nimm vun deene Riedner gehéiert hunn, déi no mir schwätzen, da sinn ech bal deen eenzegen - d'Madame Err ass och nach am selwechte Fall -, deen a sech net Member vum Konvent war an dozou awer elo Stellung hélt, deen also vläicht méi Schwieregkeeten hat wéi aner Leit, déi duerno schwätzen, d'Detailer vun der Evolutioun, vun deem wat gesot ginn ass, vun deem wat festgehale ginn ass, esou matkritt ze hunn.

Ech hunn dat an den Zeitunge gelies, ech hunn dat och an de Kommissiounssëtzungen, wou déi verschidde Konventionéiert eis bericht hunn, matkritt, mä et war awer schwéier ëmmer d'Detailer esou ze saiséieren, well et e komplexen Dossier ass. Mä et huet een awer par contre den Avantage dat kënnen e wéineg méi aus der Distanz ze kucken, vläicht net esou direkt implizéiert ze sinn, an ech probéieren dat dann och ze maachen.

De Konvent war eng nei Method. De Konvent ass vum Conseil européen vu Laeken agesat ginn, an dat wat originell un dësem Konvent war, dat ass, datt der institutioneller Diversitéit am Fong Rechnung gedroe gëtt. Et waren national Parlamentarier dran, et waren Europaparlamentarier, et ware Regierungsvertrieder dran, an alles dat huet déi verschidden Aspekter relativ gutt, denken ech, vertrueden.

Et war och eng geographesch Diversitéit. Och dat war eppes Neies, well niewent deene Länner, déi an der Europäescher Unioun sinn, och nach 12 aner Länner plus d'Türkei vertruede waren, also och déi Diversitéit vun Europa huet sech am Konvent zréckgespigelt.

Am Ufank hat déi konventionell Method vill Skeptiker. Vill Leit hu gesot et géing en Diskussiounsforum ginn an et géing net vill dobäi erauskommen. Et ass awer geschwë gesi ginn, datt de Konvent iergendwou eng eegen Dynamik krut, a mat der Zäit huet een och kënne beobachten, datt sech d'Zesummesetzung lues a lues geännert huet, an datt och vill Regierungsvertrieder, Europaministeren, Ausseministeren deelweis selwer dohinner gaange sinn. Dat huet bedeit, datt et a sech just méi wéi e Berodungsorgan war. An deen Text, dee proposéiert ginn ass, ass och en Text, deem ee sécher muss Rechnung droen, a wou et schwéier ass derlaanscht ze kommen.

Op där anerer Säit ass et awer grad esou kloer, datt dat Dokument, wat hei virläit, net déi absolut Vollkommenheet bedeit. Et kann ee sech erlaben och haut nach eng Rei Froen ze stellen, sech eng Rei Gedanken ze maachen an eng Rei Problemer opzewerfen. Ech wäert déi positiv Säiten an déi Säiten, déi mer am Anhieb manner positiv schéngen, wou Onklorheeten dra sinn, och wëllen hei op dëser Plaz beliichten.

D'Deklaratioun vu Laeken huet d'Organisatioun vun den Aarbechte vum Konvent festgehalen an huet och déi wichtegst Zilsetzungen festgehalen. Dräi Stéck waren dat:

Éischtens d'Bild vun Europa an der Welt oder d'Aarbechtsaart-a-weis vun Europa an der Welt anescht ze gestalten. Europa d'Méiglechkeet gi seng Responsabilitéiten ze huelen, géint d'Violence anzegräifen, fir d'Coopération internationale, an esou eng Plaz an der Welt a sech ze fannen a sech duerch d'Schafung vu Mechanismen dat ze erméiglechen. Dat sollt eng Äntwert op déi Défië sinn, déi eis bevirstinn, an et soll eis d'Geleeënheet ginn och géintiwwer dem Rescht vun der Welt aus engem Mond ze schwätzen. Op jidde Fall esou steet et op der Homepage vun deenen, déi an der Konventioun waren, déi eng extra Homepage hate fir hir Aarbecht och dem grand Public accessibel ze maachen. Dat war eng vun den Zilsetzungen, déi Laeken, mä déi si sech och selwer gesat haten.

Zweetens Europa och méi no de Bierger ze maachen, a méi no de Bierger hire Suerge bäizekommen. Vill europäesch Bierger akzeptéiere jo déi grouss Zilsetzunge vun Europa, mä d'Unioun bekëmmert sech ëm ze vill, dat ass op jidde Fall eng oft ausgedréckte Meenung, an net ëmmer ëm déi richteg Suerge wéi d'Kriminalitéit, d'Immigration, de Chomâge, d'Protektioun vun der Ëmwelt oder d'Sécurité alimentaire. Dës si Suergen, déi de Bierger no net oft genuch considéréiert ginn, an do misst ee méi Wäert drop leeën. Hei soll d'Konventioun nei Iddien an nei Léisunge bréngen.

Déi drëtt grouss Zilsetzung war den Elargissement ze erméiglechen. Mir sinn elo an deenen nächste Méint domat befaasst, dass méi wéi zéng Länner an d'EU wäerten erakommen. Dat ass en enorme Changement, dat bedeit erëm en noutwendege Renouvellement vum institutionelle Kader, dee soll halen, dee soll d'Méiglechkeet gi fir eng Rei vu Joren, eng Zäit der Entwécklung ze widderstoen, well et wäert ëmmer méi schwéier ginn an Zukunft esou fundamental Änerungen, wa se d'Unanimitéit brauchen, an d'Realitéit ëmzesetzen.

Den europäesche Konvent huet seng eigentlech Tâche Mëtt Juni ofgeschloss. Um Sommet vu Porto Carras huet de Valéry Giscard d'Estaing, ënnert deem senger Presidenz de Konvent ronn anerhalleft Joer getagt huet, dem Rotspresident Simitis en a blot Lieder gebonnent Exemplar vum Verfassungsprojet a griichescher Sprooch iwwerreecht, wat alles schéi symbolesch war.

Och wann elo d'Ëmstänn, ënnert deenen de Konvent mat Zäite geschafft huet, nach laang net ideal an den Ae vun all Mënsch waren, esou huet dës originell Institutioun - eigentlech ass se et net emol - et dach fäerdeg bruecht e paneuropäesche Konsens zu engem neie Grëndungsusproch vun der Europäescher Unioun ze formuléieren. Dëst eleng verdéngt d'Unerkennung a sollt dozou gëeegent sinn eng gewësse Begeeschterung fir déi nei europäesch Verfassung opkommen ze loossen.

Europa soll eng Verfassung kréien. Dëst ass keen onschëllegen Exercice, och wann e vläicht onscheinbar schéngt. Den Iwwergank vum Vertrag zur Verfassung als iwwergëuerdnet europäesch Norm ass e qualitative Quantespronk. De Vertrag ass a bleift en Instrument vum internationalen öffentleche Recht, vum Völkerrecht, vum tëschestaatleche Recht. Eng Verfassung awer ass eng intern Rechtsnorm, déi engem eenheetleche Wëllensausdrock zu Gonschte vun enger gemeinsamer politescher Organisatioun eng Form gëtt.

An deem virleiende Fall solle sech am Idealfall - dat heescht wann all 25 Memberstate vun der erweiderter Unioun d'Verfassung guttheeschen - bal eng hallef Milliard Europäer an eng eenzeg gemeinsam Verfassungsloyalitéit beginn. Dëst ass e gewaltege Schrëtt no vir. Bis elo hu sech Staten, fir d'éischt sechs, haut 15, a mar 25, europäesche Verträg ënnerworf. Vun deem Moment un, wou déi europäesch Verfassung a Kraaft trëtt, ënnerwerfe sech iwwer 450 Milliounen Europäer enger eenzeger ieweschter Rechtsnorm, déi fir si direkt Rechter a Flichte beinhalt an en demokratescht politescht Konstrukt organiséiert an deem se liewen.

D'Charta vun de Grondrechter, och vun engem Konvent ausgeschafft iwwregens, gëtt als zweeten Deel an d'Verfassung integréiert. Hir Bestëmmunge sinn domat verbindlech Rechtsnormen zu Gonschte vun dem europäesche Bierger. D'Europäer ginn, fir d'éischt an der Geschicht vun der europäescher Integratioun, d'Sujetë vun der Unioun, zesumme mat de Memberstaten. D'Unioun gëtt déi zweetgréissten demokratesch Verfassungsgemeinschaft op der Welt, no Indien a ganz wäit virun de Vereenegte State vun Amerika, wa mer just d'Populatioun kucken.

Wéi gesot, d'Verfassung ass en Erfolleg u sech, an dee Konvent, dee se wäit gehend konzipéiert huet, ass et domat och. Natierlech huet net de Konvent déi definitiv Verfassung rédigéiert. Déi hu mer eréischt no der nächster Regierungskonferenz, mä d'Regierungschefen hu sech a Griichenland jo derzou engagéiert de Konventsentworf net a senge grousse Linnen a Fro ze stellen. Dowéinst kann ee behaapten, ouni ze iwwerdreiwen, datt et am Wesentlechen d'Resultat vum Konvent senge Berodungen ass, dat zu engem spéideren Zäitpunkt den Europäer als Verfassung wäert gëllen.

Net alles ass fäerdeg an net alles, iwwer wat de Konvent beroden huet, krut de Kostas Simitis op griichesch a gebonnen iwwerreecht. A Säitenzuele betruecht krut hie souguer nëmmen eppes wéi e Véirel vun deem wat emol d'Verfassung wäert ginn. Hie krut awer dat Wesentlecht presentéiert, dat wat am eigentleche Sënn och konstitutioneller Natur ass. Den drëtten Deel vun der Verfassung, deen d'Politike vun der Unioun an hir Funktiounsweis, virun allem d'Praxis vun der Rechtsetzung definéiert, kënnt no, grad ewéi dee véierte mat den transitoreschen Dispositiounen um Wee an d'Verfassungsgemeinschaft.

Well d'Unioun jo eng politesch Organisatioun sui generis ass, gëllt datselwecht fir hir Verfassung. De konstituéierende Prozess soll d'Traitéen net nëmmen ersetzen, mä se och esouzesoe fusionéieren. Dowéinst muss d'Verfassung och den Detail vun den Entscheedungsprozeduren an déi sektoriell Politike beinhalten, déi haut an de Verträg geregelt sinn. A senger nationaler Verfassung, federal oder net, ass den Detail vum Fonctionnement vun deem Stat net enthalen. Op europäeschem Plang muss dat esou sinn, well alles, wat d'Unioun mécht, nëmme geet, well d'Memberstaten hir dofir d'Kompetenz ginn hunn. Dës Memberstaten hunn och virgesi wéi d'Unioun mat dëse Kompetenzen ëmzegoen huet. Déi Tatsaach erkläert, datt mer net eng handlech 50-Säite-Verfassung wäerten ze ratifizéieren hunn, mä eng vun 300 Säiten.

Den drëtten Deel ass amgaang vum Konvent finaliséiert ze ginn. Enn dëses Mounts läit och dee vir a ka mat deenen zwee éischten Deeler un d'Regierungskonferenz iwwerwise ginn. De Konvent huet da seng Missioun erfëllt an existéiert net méi. Eng interessant Phas an der europäescher Integratiounsgeschicht geet domat op en Enn.

Wesentlech ass also, datt mer dann duerno eng Verfassung hunn. Wesentlech ass och, an dovu gëtt net esou vill geschwat, datt d'EU domat eng Rechtsperséinlechkeet kritt. Dat beréiert vläicht de Bierger net esou direkt, ass awer wichteg wann een duerno iwwert d'Rechtssécherheet, notamment am Kontext vun der Charta schwätzt. Wesentlech ass och, wéi gesot, datt eng Grondrechtcharta fir d'EU-Bierger an dës Verfassung integréiert gëtt. Dat war jo alles och net esou evident an dat ass och net ouni juristesch Schwieregkeete gaangen. Wesentlech ass schlussendlech d'Auswäertung vun de Mehrheetsentscheedungen op notamment eminent wichteg Punkte wéi zum Beispill d'Innen- an d'Justizpolitik.

Dat si Punkten, déi eis e gudde Schrëtt weider bewegen. An do muss ee soen, datt de Konvent effektiv effikass war, datt en effikass gehandelt huet, an et weess een net, ob d'CIG et fäerdeg bruecht hätt op deene Punkten esou wäit ze kommen, well do eng Unanimitéit noutwendeg gewiescht wär, déi jo hei am Kader vum Konvent net noutwendeg war, well mer hei a sech mat deem wat ech géing mengen esou enger Zort gefillsméisseger Konsensbildung konnte schaffen, wat natierlech eng Rei vu Saache vereinfacht huet a wat natierlech op esou Punkte wéi deenen heiten eis vill méi schnell weiderbrénge ka loossen, wann een net all Kéiers muss froen, ob nu jiddereen, deen am Sall sëtzt, och mat allen Detailer a mat all Komma d'accord ass.

Selbstverständlech war, wéi ëmmer bei deenen doten Debatten, ee vun de Voleten, deen am meeschten diskutéiert ginn ass, dee vun deene verschiddenen institutionellen Aspekter op Punkte wéi zum Beispill dem President vum Rot, wéi zum Beispill de Kompetenze vum Kommissiounspresident, dem EU-Ausseminister, der Entscheedungsfindung a Saachen Aussepolitik, der Roll vum Europaparlement, der Roll vun den nationale Parlamenter, der Zuel vun den Europaparlamentarier, dem Prinzip vun der Kommissiounsbesetzung, dem Prinzip vun de Majoritéitsfindungen an dem System vum Konvent als Aarbechtsmethod schlussendlech.

De Konvent huet eng Institutiounslandschaft konzipéiert, déi net völleg grondleeënd anescht ass wéi déi aktuell. Dat wier och net gaangen, well déi aktuell, mat hiren Checks and Balances an hire Brécken tëschent der Méthode communautaire an der Intergouvernementalitéit, an Europa net einfach kann op d'Kopp geworf ginn. An dach ginn et wesentlech Aménagementer vun deem institutionellen Zouschnëtt, dee mer elo kennen.

Do ass - loosse mer direkt domadder ufänken - déi leideg Fro vum permanente President vum Europäesche Conseil. Mir hunn als Lëtzebuerg ëmmer gesot, datt mer esou eppes net wéilten hunn. Net well mer dee Posten net kriten, de Géigendeel ass a sech wouer, wann een de Moment emol d'Spekulatiounen iwwert de Statsminister nolauschtert, déi jo a ganz Europa zirkuléieren. Neen, mir waren a mir sinn nach ëmmer géint esou e permanente Conseilspresident, well dee Posten déi institutionell Logik, déi mer fir Europa wëllen, duerchernee werft. De President vum Europäesche Conseil ass e Géigegewiicht zum Kommissiounspresident, et ass deem säin intergouvernementale Counterpart, dee souwuel bei der Gestaltung vun der europäescher Agenda wéi och an der Vertriedung vun der Unioun no baussen e Schiet op de President vun der Kommissioun werft. Mir waren a sinn der Meenung, datt et de Kommissiounspresident muss sinn, deen à terme, zesumme mam europäeschen Ausseminister, d'Unioun no bausse vertrëtt, well hien de communautairen Interesse vertrëtt, an de communautairen Interesse ass den Interesse vun de klenge Memberstaten. Dat ass eng prinzipiell Fro, an där ee sech als klengt Land net just kann no eenzelne Carrièresperspektiven dréinen, wann ee seng grouss Interesse kloer virun Aen huet.

Den Här Giscard d'Estaing wollt awer e President an déi grouss Memberstate wollten en och. Elo steet en am Text, elo kréien se en, allerdéngs mat gestutztene Fligelen, an dat ass de Grond wuerfir och déi Lëtzebuerger Vertrieder am Konvent an och d'Regierung dem aktuellen Zouschnëtt vun dësem Poste kënnen zoustëmmen.

De President vum Conseil kritt keng eege Verwaltung, hie gëtt keng eegen Institutioun, mä e Koordinator vun den Aarbechte vum Conseil. Doriwwer eraus schléisst den aktuellen Text d'Méiglechkeet net aus, datt eng Kéier de Kommissiounspresident de Conseil presidéiert, wat dat ass, wat eis eigentlech am léifste wier, well et kohärent a sënnvoll ass an der Perspektiv vun enger eenheetlecher Vertriedung vun Europa no baussen a vun enger rationeller Kooperatioun tëschent den Institutiounen no bannen. Dat ass also an dësem Kontext net esou, wéi mer eis et am Idealfall virgestallt haten, well et biergt ganz kloer Geforen a sech.

Mir fannen awer déi Solutioun, déi elo am Text steet, an déi ass dann och esou ugeholl ginn, an deem Sënn akzeptabel, wann ee se vergläicht mat deem wat de President Giscard d'Estaing an enger éischter Etapp virgeschloen hat a wou en och vun deene grousse Länner ënnerstëtzt ginn ass. Vun dohi bis op dat, wat mer elo hunn, ass e grousse Wee, deen Dank enger Rei Interventioune vu Leit, déi Der alleguerte kennt, konnt gemaach ginn, a wou mer frou sinn, datt dat konnt esou elo am Text stoen an net anescht wéi et am Ufank vun der Presidenz geduecht war. Dat heescht awer nach net, datt et gutt ass. Dat heescht awer nach net, datt et kloer momentan ass, esou wéi et ass. Do sinn nach eng Rei Saachen ze maachen. Do ass nach eng Schëpp drun unzeleeën. Ech kommen duerno nach eng Kéier dorop zréck.

De President vum Conseil kann allerdéngs, esou wéi et de Moment virgesinn ass, keen nationaalt Mandat parallell ausüben. Dat bedeit, datt e Regierungschef, e Member vum Conseil, net och ka President dervu ginn. D'Auteure wollten dann awer de Schrëtt dohinner, datt d'Présidence vum Europäesche Rot blouss en Niewenjob ass, net goen. Mir gesinn dat nach ëmmer anescht, an zwar esou wéi et am Fong an der Motioun vum Ben Fayot, deen déi déposéiert hat bei der leschter Debatt iwwert de Konvent, kloer an däitlech stoung. Do stoung nämlech am Punkt 11: « que la Chambre des Députés rejette l'idée d'une présidence du Conseil européen choisie en dehors du Conseil ».

**Une voix**.- Bien!

**M. Claude Wiseler** *(CSV)*.- Schéin, jo.

Voilà, dat schéngt mer och nach ëmmer richteg ze sinn, mä ech si sécher, datt d'Debatt de Mëtten nach wäert zu engem Deel dorëm dréinen.

***(Interruption)***

Do brauch et awer nach vill méi fir mech duercherneen ze bréngen, Här Fayot. Ech mengen dat heiten huet lech elo éischter duerchernee bruecht wéi mech.

Enk un d'Fro vun der Roll vum Conseilspresident gekoppelt ass déi vum Handlungsspillraum vum europäeschen Ausseminister. Datt esou e Posten elo geschafe soll ginn ass ee wichtege Fortschrëtt fir d'Eenheetlechkeet vun der Aussenduerstellung vun der Unioun. Den Ausseminister wäert mindestens déi Funktiounen a senger Persoun vereenen, déi haut vum Aussekommissär a vum héije Vertrieder fir d'GASP wouergeholl ginn, wann net och nach Elementer vun de Ressorte vun anere Kommissiounsmemberen. Gutt ass och, datt fir den Ausseminister de Prinzip vum „double hat" zréckbehale gouf, en Ausdrock, dee grad zu Lëtzebuerg misst eppes Bekanntes suggeréieren, nämlech d'Droe vun zwou Kapen, wat jo hei zu Lëtzebuerg net onüblech ass. An Europa ass dat bis elo zwar nach méi anormal wéi hei zu Lëtzebuerg.

Den Ausseminister gëtt gläichzäiteg, respektiv ass gläichzäiteg Vizepresident vun der Europäescher Kommissioun. Deen Ëmstand ass eigentlech ideal, virun allem well jo och de President vun der Kommissioun Aussevertriedungskompetenzen huet an duerch d'Plazéiere vum Ausseminister direkt u senger Säit gëtt déi gréisstméiglechst Kohärenz vun der europäescher

Aussepolitik erreecht. Des Weidere presidéiert den Ausseminister och de Rot vun den Ausseministeren, wann en als Conseil relations extérieures tagt. Domat gëtt e weidere Bäitrag zur Eenheetlechkeet vun der Duerstellung vun der Unioun no bausse geleescht.

D'Fortschrëtter an der Struktur vun der europäescher Aussevertriedung sinn erhieflech. Haut hu mer de Kommissiounspresident, e Kommissär fir Aussepolitik, deen zu dësem Zäitpunkt net Vizepresident vun der Kommissioun ass, en héije Vertrieder fir d'Aussepolitik, deem säi Mandat net terribel eendeiteg definéiert ass, an deen als Generalsekretär vum Ministerrot och keng organesch Relatioun mat der Kommissioun huet. Weider hu mer e President vum Relations-extérieures-Rot an der Persoun vum Ausseminister vun deem Memberstat, dee grad d'Présidence vun der Unioun ausféiert.

Dat mécht also véier Perséinlechkeeten zousätzlech zum Président en exercice vum Europäesche Conseil, déi Aussevertriedungskompetenzen hunn an déi déi net noutgedrongen op koordinéiert Manéier ausüben. Mam Iwwergang an d'europäesch Verfassungsgemeinschaft falen der dovun zwee ewech: den héije Vertrieder an de President vum RELEX-Conseil. Dës Conseilsformatioun gëtt an Zukunft vun där Persoun presidéiert, déi och Ausseminister a Kommissiounsvizepresident ass. Hei hu mer et also mat enger wierklecher Fusioun vu Funktiounen a Mandater ze dinn, déi der Stellung vun Europa an der Welt an der Kloerheet vu sengem Message iwwert d'Grenze vun eisem Kontinent eraus nëmme kann notzen.

Wann den Här Kissinger nach Ausseminister vun de Vereenegte State wär, dann hätt hien elo nach eng eenzeg Telefonsnummer, déi hie misst dréinen, fir säin europäeschen Homologue un den Apparat ze kréien. Ech ginn emol dovun aus, datt och den Här Powell an deem seng Nofolger den Aussproch vum Här Kissinger nach an der Mémoire hunn, an datt si séier wuel wäerten déi geplangte Vereenheetlechung vun der personeller Ausstattung vun der europäescher Aussepolitik appréciéieren.

Dann, Här President, kënnt et jo och zu enger Ëmorganisatioun vun der Europäescher Kommissioun. Déi lëtzebuergesch Parteien, och meng eegen, an d'Regierung hunn ëmmer gesot si géife sech enger Zesummesetzung vun der Kommissioun verweigeren, déi net méi géif e Vertrieder vun all Memberstat vun der Unioun beinhalten. Domat hu mer eis och am Konvent duerchgesat, zesumme mat deenen anere klenge Staten, déi an där sou genannter Klengstatekoordinatioun matgewierkt hunn. D'Kommissioun wäert och an Zukunft nach e Member aus all Memberstat hunn.

Déi zukünfteg Compositioun vun der Kommissioun, esou wäit de Konvent se virgesinn huet, ass eng Mëschung aus der Suerg no Effizienz a rationeller Aarbecht engersäits, an no ausgeglachener a gläichberechtegter Presenz vun alle Memberstaten anerersäits. Stëmmberechtegt Membere vun der Kommissioun sinn deemnächst nach 15 Memberen: de President, de Vizepresident, dee gläichzäiteg europäeschen Ausseminister ass, an 13 Memberen, déi vun de Memberstate proposéiert ginn. Iwwert déi 15 stëmmberechtegt Memberen eraus huet d'Kommissioun esou vill weider Memberen, wéi der gebraucht ginn, fir datt all Memberstat e Kommissär huet.

Déi stëmmberechtegt an déi net stëmmberechtegt Kommissäre ginn esou désignéiert, datt eng égalitaire Rotatioun tëschent alle Memberstate besteet. Wann an enger Legislaturperiod zum Beispill Lëtzebuerg a Frankräich e stëmmberechtegte Kommissär hunn, an Däitschland a Litauen net, dann ass dat an der nächster Period ëmgedréint. Esou huet kee Land méi stänneg e stëmmberechtegte Kommissiounsmember. All Land huet stänneg e Vertrieder an der Kommissioun. Iwwert d'Zäit gekuckt wäert Lëtzebuerg während grad esou vill Joren an der Kommissioun matgestëmmt hu wéi och Frankräich oder Italien.

Dëse System ass souwuel gerecht wéi effikass. En huet vill Virdeeler a mécht d'Aarbechte vun der Kommissioun méi rationell a fördert d'Integratioun vu Politikberäicher, déi eigentlech zesummegehéieren, mä am Verlaf vun der Vergréisserung vun der Kommissioun getrennt goufen, fir all Membere vun där Institutioun zefridden ze stellen.

Da gëtt et nach eng Rei divers Punkten, wou ee sech och muss Froe stellen, well se net kloer sinn, notamment déi vun der Présidence vun deenen eenzelne Fachministerréuniounen. D'Fro stellt sech ganz kloer, wien do d'Presidenz huet, wéi déi Presidenz an d'Rotatioun abruecht gëtt a wéi ee kann eng Kohärenz erabréngen, wann net eng allgemeng Presidenz do ass, déi Richtlinne ka ginn. Dat alles si Punkten, déi momentan nach net kloer sinn, a wann ee wëllt en uerdentleche Fonctionnement kréien, da muss een an dëse Punkte Klorheet schafen éier dësen Text zu engem definitiven Text gëtt.

Här President, et wär nach munches zu den Institutiounen ze soen, mä ech wëll elo ophale mat den Detailausféierungen, ech wëll lech awer net virenthalen, datt meng Fraktioun och déi verstäerkte Pouvoire vum Kommissiounspresident begréisst, grad esou wéi déi nettement verstäerkte Roll vum europäesche Parlament bei der Compositioun vun der Kommissioun. Dëst si wichteg Fortschrëtter a Richtung vun enger wierklech europäescher Ausriichtung vun där Institutioun, déi am beschten den Esprit an d'Méthode communautaire verkierpert.

Meng Fraktioun begréisst och déi zwee Protokoller, déi eng méi prezis Ausformuléierung vun der Bedeitung vum Subsidiaritéitsprinzip esou wéi e Mechanismus zur besserer Abannung vun den nationale Parlamenter an den europäeschen Décisiounsprozess beinhalten. Virun allem dee sou genannte „Mécanisme d'alerte précoce", mat deem déi national Parlamenter kënnen hir Virbehalter géigeniwwer enger Kommissiounsinitiativ zum Ausdrock bréngen, a mat deem se gegebenenfalls, wann d'Dissensiounen net kënnen iwwerwonne ginn, en europäesche Rechtsakt verhënnere kënnen, ass bemierkenswäert.

Richteg ugewannt erlaabt en eng vill méi déif gräifend Ausernanersetzung mat europäeschen Themen an den nationale Parlamenter, an domat och mat der öffentlecher Meenung vun de Memberstaten. Falsch ausgeluecht kéint en allerdéngs och zu onnéidege Blocagë féieren, obwuel e komplizéiert genuch ass, fir net allze abusif benotzt ze ginn.

Den zweeten Deel vun der Verfassungsvirlag vum Konvent ass d'Charta vun de Grondrechter. Zu hir selwer ass net méi alles ze soen, dat hu mer virum Sommet vun Nice gemaach, wéi de Konvent fir d'Charta säin Entworf virgeluecht huet. Ech wëll dofir just e puer Aussoen zur Wichtegkeet vun der vollstänneger Integratioun vun der Charta an d'Verfassung maachen.

D'Bestëmmunge vun der Charta gi mam A-Kraaft-Triede vun der Verfassung fir bal eng hallef Milliard Europäer rechtsverbindlech. Dat si se haut net. D'Bierger vun der Unioun kréien also e Katalog vun allgemenge Rechter a Fräiheeten zougestanen, déi der Kontroll vun der europäescher Cour de justice ënnerleien. Domat kréie mer fir d'éischt an der Geschicht e System vun europäesche Grondrechter, deen an der Unioun verbindlech fir all Mënsch gëllt an un deen all Stat gebonnen ass.

Natierlech huet all Memberstat och esou e System, an doriwwer eraus gëtt et jo och déi europäesch Konventioun vun de Mënscherechter, déi zënter Jorzéngte verflichtend fir d'Bierger vun de Memberstate vum Europarot gëllt. D'Uniounsbierger kréien also am Fong hei keng nei Rechter a Fräiheeten, mä dat ass och net d'Thema. Wichteg ass, datt eng demokratesch Gemeinschaft vu Staten a Bierger, déi op enger gemeinsamer Verfassung berout, wiesenshaft e System vu biergerleche Fräiheete braucht, fir am rechtsstaatleche Sënn komplett ze sinn, a genee dës Vervollstännegung erfiert elo d'Unioun, wa mer de Verfassungsprojet vum Konvent definitiv ficeléiert an a Kraaft gesat hunn.

Och de Problem vun der Interaktioun vun den Uniouns- an den Europarotsrechter, fir se emol esou ze nennen, gëtt enger Léisung zougefouert. Domat erreeche mer och Eenheetlechkeet a Kohärenz vun der Rechtsspriechung a Saache Mënscherechter vun der Cour vu Lëtzebuerg an där vu Stroossbuerg. Well déi Europäesch Unioun mat der Verfassung och selwer d'Rechtsperséinlechkeet kritt - déi huet se haut net, déi huet elo just déi Europäesch Gemeinschaft, also deen éischte vun den dräi Piliere vun der Unioun - ka se och international Rechtsverflichtungen agoen.

Si kann duerno selwer der Europäescher Konventioun vun de Mënscherechter bäitrieden an esou déi iwwergéuerdent Jurisprudenz vun der Stroossbuerger Cour akzeptéieren. D'Gefor, datt op eemol um Kierchbierg eng aner Interpretatioun vun dësem oder deem Grondrecht gemaach gëtt, wéi dat zu Stroossbuerg de Fall ass, gëtt domat aus der Welt geschaaft. Dëst ass e wichtegen Aspekt, e weidere Fortschrëtt fir déi gesamt europäesch Mënscherechtskonventioun an och fir all Europäer, dee säi Recht wëllt akloen.

Här President, de leschten Deel vu menger Ried beschäftegt sech mat e puer vun de sektorielle Politike vun der Unioun, esou wéi se am drëtten Deel vun der Verfassung formuléiert sinn. D'Essenz vu ganz ville vun dëse Politike gëtt an der Verfassung net nei erfonnt, well se aus de bestoende Verträg iwwerholl gëtt.

Ufänke wéilt ech mat der ganz wäit goender Generaliséierung vum Vote mat qualifizéierter Majoritéit. A bal alle Beräicher vun exlusiver oder gedeelter Uniounskompetenz gëllt, wann d'Verfassung a Kraaft ass, de Prinzip vum Vote mat esou enger Majoritéit. Hien ersetzt op wäite Strécken d'Unanimitéit an dësen Iwwergank zu majoritären Entscheedunge vum Conseil gëtt begleet duerch déi generell Co-décisioun mam Parlament an der europäescher Législatioun.

An anere Wierder, mir bewegen eis an Europa a Richtung vun engem wierklech bicaméralë System an deem d'Vertrieder vun de Memberstaten a vun den europäesche Bierger op gläichem Foussrecht sëtzen. Dëst ass e signifikante Schrëtt hin zu méi europäescher Demokratie an Transparenz vun den Entscheedungen.

Allgemeng ass och ze begréissen, datt de komplizéierten Nicer System vun de multiple Majoritéite soll duerch e méi einfache System ersat ginn, an deem all majoritär Décisioun vum Conseil, jee nodeem a wéi engem Cas de figure e sech befënnt, och muss de berechente Support vu mindestens 62% vun der europäescher Populatioun fannen.

Ze bedaueren ass natierlech, an dat ass awer wesentlech, datt et am Beräich vun der gemeinsamer Aussepolitik net zu enger weidergoender Entscheedungspraxis mat Majoritéit koum. Esou laang dat nämlech net esou ass kritt d'Aussepolitik vun der Unioun net déi eegen Dynamik, déi se eigentlech bräicht fir sech an der Welt op positiv Manéier opzedrängen. Et wäert weiderhi Gezauders a Gehaders ginn an déi verschidden aussepolitesch Partikularinteressen, déi et an der Unioun gëtt, kënne sech och weiderhi blockéierend artikuléieren.

Fir eis ass wichteg, datt d'Fonctioun vum Ausseminister geschaaft gëtt. Dat hu mer och an där Motioun, déi mer hei alleguer gestëmmt hunn, gefrot. Mir wëllen, datt Europa no baussen e Gesiicht huet. Mir wëllen, datt Europa vum global payer zu engem global player och gëtt. Mir hunn duerch d'Experienzen am fréiere Jugoslawien, am Irak gesinn, awéiwäit eng blockéiert europäesch Aussepolitik ka katastrophal a beschämend Auswierkunge fir Europa an der Welt hunn. An dofir ass et fir eis ganz kloer, datt mer eis d'Moyene musse ginn, datt esou Saachen net méi virkommen.

Mir bedaueren dofir kloer an däitlech, datt déi Bewegungsfräiheet vun der Aussepolitik agegrenzt ass, well d'Unanimitéit weiderhin obligatoresch bleift a well e Land mat Vetorecht kann Décisioune verhënneren. Wann, wéi de Valéry Giscard d'Estaing dat gesot huet, dës Konstitutioun, dësen Text soll 50 Joer daueren, da schafen esou Dispositioune während deene 50 Joer sécherlech eng ganz Rei a ganz dramatesch Problemer an hei muss nach kënnen driwwer diskutéiert ginn an dat hu mer och am éischte Punkt vun där Motioun gesot, an ech liesen se vir: «La Chambre des Députés est d'avis que l'Union joue un rôle important sur la scène internationale et se rallie à la position majoritaire au sein de la convention qui demande une politique étrangère et de sécurité commune, visant une plus grande efficacité et cohérence à l'action extérieure de l'Union européenne». Fir dat ze erreechen, mengen ech, muss hei nach dee weidere Schrëtt, deen eis all esou noutwendeg schéngt, gegaange ginn. Zumindest muss d'Perspektiv dofir opgemaach ginn.

Ähnleches gëllt fir d'Verteidegungspolitik. Hei ass et méi novollzéibar, datt wa soll militäresch virgaange ginn, dëst eng gemeinsam Démarche vun alle Membere soll sinn. An dach, och am Beräich vun der Verdeedegung musse mer wëssen, datt de gemeinsamen europäesch politesche Projet schwiereg ze formuléieren ass, wa kaum Méiglechkeeten zum Virreiden duerch méi enthousiastesch Memberstaten existéieren.

De Sommet vu Bréissel, wou Lëtzebuerg zesumme mat sengen dräi Noperen ausserhalb vun de formelle Mechanisme vun der Unioun versicht huet esou e Projet auszeformuléieren, huet bewisen, datt et wuel net einfach wäert sinn innerhalb vum System unanime Décisiounen ze fannen, déi enger grousser verteidegungspolitescher Ambitioun gerecht ginn. Des Weideren ass d'Bekenntnis vun enger wierklecher europäescher Verteidegung äußerst flou, mat engem Conditionnel ausgedréckt, esou datt vun der politescher Diskussioun bis zur konkreter Aktioun wuel nach vill Zäit ka versträichen, wat net zum Beschte vun eisem Kontinent an deem Fall ass.

Här President, et kann een ni alles soe wat ee kéint soen, well wann een dat géif versichen, da géife mer an d'Nuecht haut falen.

***(Interruption)***

Ech wollt Iech awer och nach eng Chance ginn, fir kënnen hei Är Meenungen zum Ausdrock ze bréngen an dofir fueren ech weider.

Ech wollt elo just nach menger grousser Freed driwwer Ausdrock ginn, datt mer bei der Vergemeinschaftung vum drëtte Pilier, also bei der gemeinsamer Politik a Saache Justiz, Polizei, Strofrecht, Asyl an Immigratioun schéngen e substanzielle Progrès ze verzeechnen. E gemeinsame Wirtschaftsraum, e kontinentale Raum vu fräier Zirkulatioun fir d'Bierger braucht och gemeinsam Regelen an deenen do Domäner, vun der Kontroll vun de Baussegrenze vun der Unioun bis hin zur gemeinsamer Verbriechensbekämpfung an der Unioun. Hei gesäit de Verfassungsprojet d'Basis vun engem gemeinsame Rechtsraum vir an deem och ganz enk um Niveau judiciaire a policier zesummegeschafft gëtt an dat gëtt vu mir a menger Fraktioun nodrécklech appréciéiert.

De Verfassungsprojet ass net dee sichtbar vereinfachte Worf ginn, dee sech Optimisten erwaart hunn. Ech kann dem Konvent dofir awer kee Virworf maachen. Vläicht gouf net grad den optimale Grad vu Vereinfachung erreecht a wahrscheinlech besteet grad op deem do Terrain och nach Sputt an der Regierungskonferenz fir weider Simplificatiounen a Clarificatiounen ze erreechen. Mä Tatsaach ass, datt Europa e komplizéierte Kontinent ass, d'Europäesch Unioun eng komplizéiert Konstruktioun, déi vill Arbitrage muss vollzéien an deementspriechend och eng europäesch Verfassung leider net dat Mooss u juristescher Ästhetik kann opweisen, wéi eng national Verfassung dat eventuell kann.

Nach e puer Betruechtungen zum Konvent wéilt ech awer selwer ustellen. Ech sinn der Meenung, datt en alles an allem eng positiv Erscheinung an der europäescher Institutiounslandschaft war, mä datt mer aus sengen Defizienzen och musse Léiere fir d'Zukunft zéien, fir de Fall notamment wou weiderhin nees eng Kéier déi konventionell Method géif genotzt gi fir grondleeënd Ännerungen an der europäescher Organisatiounsstruktur virzehuelen.

Et war gutt a richteg fir d'éischt emol, datt am Konvent d'Vertrieder vun den nationale Regierungschefen, vun den nationale Parlamenter, vum Europaparlament a vun der Europäescher Kommissioun zesummegeschafft hunn. Dëse Mix huet bewierkt, datt sech eng gréisser Panoplie vun Interessen, Aspiratiounen an Iwwerzeegunge konnt austauschen, wéi dat am Kontext vu Regierungskonferenzen de Fall ass oder generell am Kontext vun enger eenzeger Institutioun. Hei ass queesch duerch Institutiounen a politesch konstituéiert Corpsen diskutéiert ginn, mat dem Resultat, datt op eenzelnen Themen, wéi zum Beispill bei der Communautariséierung vun der Justiz-, Asyl- an Awanderungspolitik vläicht méi Fortschrëtter erreecht goufe wéi dat no enger renger Regierungskonferenz de Fall gewiescht wär. D'Compositioun vum Konvent ass also weiderhin als dee richtege Wee bei esou Démarchen ze betruechten.

Da war et selbstverständlech och richteg sämtlech Kandidate gläichberechtegt un den Aarbechte vum Konvent deelhuelen ze loossen. Natierlech hat dës Participatioun fir déi zéng éischt nei Memberen eng wäit gréisser Bedeitung wéi fir Rumänien, Bulgarien an d'Türkei, well si a manner wéi engem Joer zu deem Club gehéieren, deem seng Statuten hei néiergeschriwwe goufen. D'Vertrieder vun deenen zéng zukünftege Memberen hu sech ganz aktiv un der Konventsaarbecht bedeelegt, wéi dat un hire sëllechen Interventiounen, déi een noliese kann, och novollzu ka ginn.

Si hu sech och wäit goend an d'Verhandlungslogik, déi innerhalb vun der Unioun gängeg ass, agefügt, obwuel se natierlech eng gréisser Sensibilitéit fir Souveränitéit an national Selbstbestëmmung matbruecht hunn, wéi mer dat am Regelfall an der Unioun gewinnt

sinn. Datt d'Vertrieder vun Estland, Lettland a Litauen, déi 1990 nach sowjetesch Truppen op hirem Territoire stoen haten, déi se wollten dovunner ofhale sech an d'Onofhängegkeet ze bewegen, eng aner Relatioun zu dëse Begréffer hu wéi d'Politiker aus den aktuelle Memberstaten, dat ass eigentlech evident an natierlech.

Dach huet den Dialog mat dëse Leit am Kader vum Konvent schon emol e Virgeschmaach ginn op de Feeling vun der zukünfteger Unioun. Dëst ass absolut positiv ze bewäerten a sécher si sech hei eenzel Persounen no komm an hu geléiert sech ze verstoen, déi och weiderhin dann eben innerhalb vun der erweiderter Unioun politesch wäerte mateneen ze doen hunn.

Deen eenzege Bémol, deen ech leider muss un der Aarbecht vum Konvent ubréngen, well dat sech opdrängt, ass d'Aart a Weis wéi de Konvent geleet gouf. Hei musse mer fir d'Zukunft aus de Feeler vun deene leschte Méint och léieren. De Valéry Giscard d'Estaing ass e Mann, deen net déi ganz grouss Integratiounsfigur ass, an dat genau war vläicht ee vun de Problemer.

Wien de Konvent presidéiert, dee jo keng Voten hält, mä deen am Konsens beschléisst, dee muss de Konsens sichen a förderen. Wann de President awer heiansdo méi domat beschäftegt ass seng eegen Agenda ze verfollege wéi de Konsens ze facilitéieren, da gëtt d'Resultat vun den Aarbechte vun engem Forum, wéi deem europäesche Konvent hei, net dat wat et am Idealfall kéint sinn. D'Transparenz an d'Effikassitéit leide sécherlech dorënner.

Et gouf schonn eng Kéier e Konvent, an zwar deen, deen d'Grondrechtecharta ausgeschafft huet. Dee gouf presidéiert vum Roman Herzog, fréieren däitsche President, an deen hat keng eegen Agenda, hien hat just eege Kompetenzen. Wéi de Konvent fir d'Charta seng Aarbechten ofgeschloss huet, goufen et keng prozedural Mësstéin. Et gouf sech net iwwert de Féierungsstil vum Här Herzog beschwéiert, well et näischt gouf wouriwwer sech hätt misse beschwéiert ginn. Sollt also d'Méthode conventionnelle, déi an all hiren Aspekter prinzipiell hir Friichte gedroen huet, an Zukunft nees eng Kéier ugewannt ginn, da muss och d'Persoun vum President eng sinn, déi mam Konsens identifizéiert gëtt.

Zum Schluss wëll ech nach drop insistéieren, datt meng Fraktioun de Beschloss vun der Regierung begréisst e Referendum iwwert déi definitiv Verfassungsvirlag ze organiséieren, e Beschloss, dee mer jo och an där Resolutioun erëmfannen, déi dem Parlament de Mëtteg zur Ofstëmmung virläit. Tatsächlech ass et esou, datt den Iwwergank an eng europäesch Verfassungsgemeinschaft och eng Erneierung vun der Legitimitéit vum europäeschen Integratiounsprojet duerstellt. Aus deem Grond ass et richteg de Verfassungsprojet den Europäer zum Vote virzeleeën, well op deem Wee déi néideg gemeinsam Verfassungsloyalitéit kann erreecht ginn, déi déi nei Qualitéit vum europäeschen Zesummeliewe soll charakteriséieren. Loosse mer mat de Lëtzebuerger iwwert d'Verfassung diskutéieren a loosse mer se driwwer ofstëmmen. Dat neit Europa huet esou e Bekenntnis zu sech selwer verdéngt!

Als Konklusiounen aus deem Ganze wëll ech dat hei soen. Éischtens mir brauchen eng Verfassung. Eng europäesch Verfassung ass wichteg, och fir Lëtzebuerg. Mir brauchen d'Grondrechtecharta an der Constitutioun. Mir brauchen Aussepolitik. Mir brauchen en europäeschen Ausseminister. D'Konventioun huet och eng korrekt Aarbecht gemaach an et ass elo un der Regierungskonferenz iwwert dës Aarbecht ze befannen, a wann d'Regierungskonferenz dësen Text kritt a wann d'Regierungskonferenz dësen Text verbessert, do wou e muss verbessert ginn, a wann d'Regierungskonferenz dësen Text clarifiéiert, do wou méi Klorheet hëlleft, do wou méi Klorheet eng Noutwendegkeet ass, a wann d'Regierungskonferenz dësen Text complétéiert, do wou e Lacunen huet, da kann dat a mengen Aen nëmmen hëllefräich sinn.

Ech menge souguer, datt et deelweis eng reell Noutwendegkeet ass, an dat ze soen – dat wëll ech awer och kloer an däitlech hei ënnersträichen - ass keng Oppositioun géint dee Verfassungsentworf, dee mer hei virleien hunn, an ass net eng Reaktioun géint d'Method vum Konvent, mä ass haaptsächlech eng Suerg, datt fir déi nächst 50 Joer an Europa mer och en Text kréien, deen Europa gérabel mécht, an dat ass net esou einfach an dofir brauch ee Courage, an dofir brauch ee Klorsiicht, an am europäesche Rot sinn der, deen een oder deen aneren, wou ech dovun ausginn, datt hie sécher Courage a Klorsiicht huet.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, de Freideg, den 13. Juni 2003, mëttes um zwou Auer, war fir déi meescht Bedeelegt vum Konvent e Moment vu Gléck a Begeeschterung. Et ass seelen, dass hautdësdags vu Gléck a Begeeschterung am Zesummenhang mat Europa geschwat gëtt. Europa ass an den Hänn vun Diplomaten a Ministeren, vun Technokraten a Businessleit. Iwwer Europa gëtt an enger komplizéierter Sprooch geschwat. Europa ass net an den Hänn vun de Biergerinnen an de Bierger.

De Konvent war den éischte seriöe Versuch säit iwwer 50 Joer fir de Bierger Europa erëmzeginn.

Wéi de Konvent den 28. Februar 2002 ugefaangen huet wousst kee wat doraus géif entstoen. No an no huet sech gewisen, dass d'Versammlung vun den 105 Vertrieder aus Parlamenter, Regierungen, der Kommissioun, grad wéi Observateure vun de Gewerkschaften an der Zivilgesellschaft, mat Begeeschterung a Realismus un hir Aarbecht erugaange sinn. 16 Méint huet déi Aarbecht gedauert, mat ville Konflikter iwwert déi zur Konvergenz fonnt gouf.

Selbstverständlech ass och an där Zäit an de Käpp vun de Konventionellen eng Evolutioun komm iwwert déi Punkten, déi andauernd diskutéiert gi sinn. Dat ass jo d'Wiese vun engem Konvent, wou ee Kompromisser sicht, dass een och capabel ass ze évoluéieren.

Säit dem 13. Juni 2003 ass schonns vill iwwert dee Konvent a seng Resultater gesot ginn. Munches ass zerrappt ginn. Dat ass u sech net schlëmm, wann d'Grondlag vun der Aarbecht net a Fro gestallt gëtt. Och iwwert déi europäesch Verfassung bréngt de Konsensualismus näischt. Den öffentlechen Débat soll weidergoen, an ech wënsche mer, dass e während der ganzer Regierungskonferenz esou weidergeet an och während der Referendumscampagne. Doduerch kritt den europäeschen Integratiounsprozess eng nei Qualitéit am öffentleche Raum vun Europa.

An deem Prozess war e wichtegen Ament d'Sitzung och vum europäesche Rot zu Thessaloniki, den 20. an 21. Juni 2003. Grad wéi de Conseil affaires générales vun deem Méindeg virdrun zu Lëtzebuerg hu Stats- a Regierungschefe festgehalen de Verfassungsentworf vum Konvent wär eng gutt Startbasis fir d'Regierungskonferenz.

Ech muss soen, ech fannen dat e bësse schappeg, well dëse Verfassungsentworf ass déi eenzeg zesummenhängend Basis fir d'Regierungskonferenz, déi ënner gegebenen Zoustänn vun Europa méiglech ass. Ech si souguer esou kéng ze behaapten, dass d'Regierungskonferenz näischt Besseres wäert fäerdeg brénge wéi dat wat de Konvent a 16 Méint ervirbruecht huet, éischter manner. An ech soen Iech och firwat.

Wien d'Reaktioune vun de Stats- a Regierungschefen um Sommet vun Thessaloniki verfollegt huet, huet gemierkt wéi schonns déi éischt nationalistesch an egoistesch Téin erklonge sinn. D'Regierungskonferenze waren ëmmer d'Plaz vun der Realpolitik an och e bësse vum Zynismus, net vun der europäescher Begeeschterung. An d'Chefen, oder d'Regierungs- an d'Statschefen an den neie Bäitrëttslänner, wann ee verschidde Reaktioune gehéiert huet, sinn och do net besser wéi déi heiteg Memberen.

Haart verhandelen, keng Konzessiounen u weider Integratioun, keen Effort vu Kompromiss, dat alles schéngt den Agenda vun enger Partie Länner ze sinn, déi méi u sech selwer denke wéi un Europa.

Esou en Agenda konnt sech am Konvent net esou ausdrécken, well de Konvent éischtens öffentlech war a well am Konvent eng kloer an engagéiert Majoritéit fir méi Integratioun war.

Natierlech muss ee bei aller Begeeschterung, Här President, sachlech bleiwen an eng Partie Problemer gesinn, déi am Verfassungsprojet dra sinn. Dës Problemer entsprangen net der Onfäegkeet vum Konvent Léisungen dofir ze fannen, mä entsprangen dem Zoustand vun der Europäescher Unioun haut.

D'Europäesch Unioun ass haut ganz kloer an zwee Lager agedeelt. Dat engt Lager, ugefouert vun Däitschland a Frankräich, mat de Benelux-Länner, wëllt, dass Europa handlungsfäeg bleift an et ëmmer méi gëtt. Dëst zielt och fir d'Aussepolitik an d'Verdeedegung, fir d'Immigratiounspolitik an d'ënner Sécherheet. Dat anert Lager gesäit an Europa haaptsächlech eng Fräihandelszon, a vill vun deene Länner sinn extrem retizent wann et heescht Deeler vun hirer Souveränitéit zesummenzeleeën. Déi zwee Lager sinn och gedeelt duerch hir Astellung vis-à-vis vun den USA, wéi den Irakkrich et gewisen huet, an ech muss och soen, dass zu deem méi retizenten Europa och vill nei osteuropäesch Länner gehéieren.

Am Konvent hunn d'Englänner zum Beispill sou genannt red lines, rout Linnen, opgezeechent iwwert d'Aussepolitk, iwwert dat soziaalt Europa, iwwert d'Wirtschaftspolitik, iwwert d'Services d'intérêt général, a bal war d'Charta vun de Grondrechter där Astellung zum Opfer gefall. Dat alles huet de Kompromiss schwéier an d'Gläichgewiicht delikat gemaach.

Erlaabt mer, éier ech op de Fong aginn, nach eng Remarque zum Fonctionnement vum Konvent, deen ech jo vu bannen erlieft hunn, en Deel, am Géigendeel zum Här Wiseler, deen esou Remarken dozou gemaach huet.

De Konvent war eng Ronn vu Politiker an och Diplomaten, mä et war keng parlamentaresch Versammlung. De Konvent hat e preziist Mandat duerch d'Annexe vun de Konklusioune vu Laeken. D'Stats-an d'Regierungschefen haten him d'Mandat ginn, net fir d'Kompetenze vun der Unioun auszebauen, ausser bei der Aussepolitik a bei der ënnerer Sécherheet, mä fir Europa méi einfach, méi transparent a méi verständlech no baussen ze maachen. Europa sollt och méi demokratesch ginn a méi effikass fonctionnéieren. Am Konvent huet sech awer mat der Zäit d'Iwwerzeegung erausgeschielt, dass wesentlech Punkten, wéi zum Beispill déi vun der Gouvernance économique oder vum sozialen Europa, de Kampf géint d'Aarbechtslosegkeet net ausgeklamert kéinte ginn, ëmsoss allerdéngs wéi d'Resultat weist.

Nach e Wuert zum Här Giscard d'Estaing als President. Den Här Wiseler huet dat jo och schonn hei zum Deel beréiert.

Fir mech ass dat Wesentlecht bei där Geschicht net den Numm, mä de Profil vum President. D'Chefen haten dem Konvent e Präsidium gi mat engem fréiere franséische Statspresident an zwee fréier Premierministeren. Dee Profil war u sech e ganze Programm, hin zur Verstäerkung vum Europäesche Rot, mat der Schwächung vun der Kommissioun eventuell als Konsequenz.

Dass de President an dee Präsidium den institutionelle Volet fir sech accaparéiert hunn, war an därselwechter Logik. Wat menger Ansicht no gefeelt huet, an ech hunn dat och kloer gesot, war en Aarbechtsgrupp iwwer Institutiounen, well d'Praxis vun den Aarbechtsgruppen huet gewisen, dass do mat Hëllef vun Expäre roueg an objektiv konnt diskutéiert ginn. Et huet am Konvent ganz sécher eng déif gräifend Analys iwwer politesch Gouvernance an Europa gefeelt.

Dir erënnert Iech, dass am Virfeld vu Laeken wichteg Premierministeren eigentlech kee Konvent wollten. Et war net esou evident fir dee Konvent duerchzesetzen. Et sollt fir Verschiddener nëmmen eng Spillwiss als Beschäftigungstherapie fir e puer Deputéierten aus nationale Parlamenter an dem Europäesche Parlament ginn. D'Erfahrung vum éischte Konvent huet awer gewisen, dass d'Regierungen um Dësch musse mat sëtzen fir eben déi rout Linnen ze zeechnen. Dat ass jo dann och geschitt. Wat de Konvent méi weidergoung, wat d'Vertrieder vun de Regierunge méi héichkaräteg goufen, an dat ebe well d'Regierunge gesinn hunn, dass de Konvent eppes kënnt ginn.

Och Lëtzebuerg, dat wëll ech hei awer och gesot hunn, huet an der Persoun vum Jacques Santer a sengem Suppléant, dem Här Nicolas Schmit, stännege Vertrieder vu Lëtzebuerg bei der Europäescher Unioun, déi beschtméiglech Vertrieder, fir de Standpunkt vun der Lëtzebuerger Regierung duerzeleeën, gehat. Si haten e wesentlechen Undeel un de Benelux-Virschléi, déi gewisen hunn, dass ee keng Zwergekoalitioun braucht, fir sech Gehéier ze verschafen. Ech kann nach derbäifügen, dass den Här Nicolas Mackel, e jonken an héich kompetenten Diplomat, ons vill duerch seng Kontakter an duerch seng Kenntnis vum Konvent gehollef huet. Datselwecht gëllt och fir den Här Genson, wat den drëtte Pilier ugeet, deen e gudde Kenner vun der schwiereger Matière iwwer Justiz an ënner Sécherheet ass.

Wat d'Aktioun vun der Chamber ugeet, kann ech mech nëmme beluewen iwwert déi kolleegial Zesummenaarbecht vun de véier Vertrieder, déi Dir op Bréissel geschéckt hutt, grad ewéi iwwert d'Hëllef vun der Chamberverwaltung an den Dévouement vun der Madame Barra, Fonctionnaire vun der Chamber. Mäin eenzege Regret bleift, Här President, an ech ginn net midd et ze soen, déi frileuse Manéier mat där d'Majoritéit an dëser Chamber d'Öffentlechkeetsaarbecht vis-à-vis vun de Bierger vum Land gesinn huet.

De Verfassungsentworf, deen den 13. Juni 2003 vum Konvent ugeholl gouf, huet Resultater fäerdeg bruecht, déi am Ufank keen dem Konvent zougetraut hätt. Als éischt natierlech - et ass scho gesot ginn - de Passage vum Vertrag zur Verfassung. Ech weess wuel, dass mer de facto nach weider an der Vertragslogik sinn. D'Regierungskonferenz muss en Entworf eestëmmeg unhuelen. Da muss all Land dës Verfassung ënnerschreiwen a ratifizéieren. Rechtlech gesinn, si mer also nach am internationale Vertragsrecht, mä dëse Vertrag ass wéi eng Verfassung ugeluecht.

Den éischten Deel enthält d'Grondlage vun der Unioun, déi relativ liicht ze verstoe sinn, och fir d'Bierger dobaussen, dann d'Wäerter, d'Zilsetzungen, d'Kompentenzen an d'Ariichtungen. Den zweeten Deel enthält d'Charta vun de Grondrechter, grad ewéi et an all Verfassung e Kapitel iwwert d'Rechter an d'Fräiheete vun de Bierger gëtt. Den drëtten Deel, muss een allerdéngs soen, ass manner verfassungsaarteg. En iwwerhélt eng grouss Zuel vun Dispositiounen aus de bestoende Verträg, an et ass och déi komplizéierst Partie. De véierten Deel enthält d'Schlussdispositiounen.

Onméiglech huet et am Ufank geschéngt d'Charta vun de Grondrechter mam vollen Text ze incorporéieren. Et ass derwäert déi Charta nach eng Kéier genee ze liesen. Vill Revendicatioune vun der Zivilgesellschaft sinn dran. D'Charta vun de Grondrechter schaaft wuel keng nei Kompetenzen, mä d'Evocatioun vun deene Rechter huet eng staark politesch Bedeitung fir d'Identitéit vun der Europäescher Unioun a fir de soziale Modell vun Europa.

Déi Iddien aus der Charta vun de Grondrechter fannen sech och am éischten Deel zum Deel erëm. Mat de Gewerkschaftsvertrieder an der Zivilgesellschaft goufe wéinstens verbal e puer nei Akzenter an den éischten Deel gesat. D'Vollbeschäftegung gëtt als Objektiv vun der Europäescher Unioun genannt, eng sozial Maartwirtschaft an d'Roll vun de Sozialpartner gëtt ënnerstrach.

Et gouf och opgepasst, ech wëll dat hei soen, dass iwwert d'Gläichheet vu Mann a Fra Klorheet herrscht. Am éischten Deel am Artikel 2 iwwert d'Wäerter vun der Europäescher Unioun geet Rieds iwwert d'Gläichheet allgemeng. Am Artikel 3 iwwert d'Ziler geet Rieds vun der Gläichheet vu Mann a Fra, déi d'Europäesch Unioun fördere wëllt. Dëst kënnt och erëm an der Charta vun de Grondrechter am Artikel 23 an am Artikel 21, de Prinzip vun der Net-Diskriminéierung.

Aner Avancéeë vum Konvent am Telegrammstil.

D'rechtlech Perséinlechkeet fir d'Europäesch Unioun gëtt hir d'Recht international Verträg auszehandelen an ofzeschléissen.

Eng radikal Vereinfachung vun de Gesetzes- a Reglementstexter gouf duerchgesat.

D'Opdeelung vun de Kompetenze gouf klorgestallt.

Et gouf an 41 Fäll d'Eestëmmegkeet duerch Majoritéitsbeschléss ersat. D'Co-décisioun vum Parlament gouf d'Regel an der legislativer Prozedur.

Et gouf och eng Solidaritéitsklausel tëschent de Memberlänner am Fall vun Terroruschléi a Katastrophen agefouert.

Am institutionelle Beräich gouf am meeschte Kritik um Konvent ausgeübt, mä ech mengen och hei, dass de Konvent op ville Punkten e Point d'équilibre, e Gläichgewiicht fonnt huet.

Ons als Parlament interesséiert fir d'éischt emol, dass d'Roll vun den nationale Parlamenter an engem Protokoll festgehale gouf. D'Parlament kann zu all Gesetzesentworf am Ufank vun der Prozedur seng Meenung soen. Am Protokoll iwwert d'Subsidiaritéit gouf eng kloer Prozedur festgeluecht wéi de Respekt vun deem Prinzip ze garantéiere wär.

Eng interessant Neierung, déi zimlech zum Schluss derbäi komm ass, ass och déi Volleksinitiativ fir d'europäesch Gesetzgebung. Um institutionelle Plang ass probéiert ginn d'Féierung vun der Europäescher Unioun zu stäerken.

Mam Ausseminister ass jiddfereen d'accord. D'Schafung vun där Fonctioun féiert nach net zu enger europäescher Aussepolitik, mä den Ausseminister mécht eng Perspektiv op. Hie kritt méi Mëttele wéi den Här Solana an den Drock vun der öffentlecher Meenung ass do, fir dass Europa dobausse gemeinsam handelt.

Vill hänkt dobäi vun der Persoun vun deem Ausseminister of. Eng vun den Haaptaufgabe vun der europäescher Aussepolitik an Zukunft muss sinn d'Verhältnis vun Europa an den USA am Kader vum transatlantesche Bündnis ze iwwerdenken. Et ass net méiglech, dass bei de geréngste Meenungsënnerscheeder d'USA hir Muskele spille loossen, fir d'Europäer op hir Linn ze bréngen. Dat transatlantescht Bündnis ass e Bündnis fir Fräiheet an Zesummenaarbecht vu gläichberechtegte Partner, an eng demokratesch Gouvernance mondiale kann nëmme fonctionnéieren, wann d'Partner gläichberechtegt sinn.

D'Zesummespill vum Europaparlament a vum Conseil européen fir d'Wahl vum Kommissiounspresident ass a sech net kontestéiert, obschonn een hei eventuell méi eng staark Roll nach vum Europaparlament hätt kënne kréien. Dobäi soll och, wéi et am Text steet, d'Resultat vun den Europawahle berücksichtegt ginn, wann d'Orientatioune geholl gi fir esou e Kommissiounspresident ze bezeechnen.

Och d'Formaliséierung vum Eurogroup am Conseil mat engem permanente President vun zwee an engem hallwe Joer ass eng interessant Neierung, grad esou wéi d'Ausdehnung vun der normaler legislativer Prozedur, an doduerch d'Verstäerkung vun der Roll vum Europaparlament. Déi einfach Léisung fir Mehrheetsofstëmmungen am Conseil ass trotz dem Seuil vu 60% vun der Populatioun e Fortschrëtt. De Kompromëss, wéi dann elo de Conseil seng legislativ Fonctiounen ausfëlle soll, léisst de Regierungen d'Fräiheet déi Ministere fir d'Gesetzgebung ze schécken, déi Spezialiste sinn. Et gëtt also kee Conseil législatif mat permanente Ministeren, déi eleng d'Législatioun maachen. Et gëtt also e Conseil affaires générales et législatives à géométrie variable wat d'Législatioun ugeet. Et bleift awer, dass de Conseil als Gesetzgeber wéi e Parlament öffentlech tage muss.

De Ministerrot besteet no der Verfassung aus zwee Conseilen, dem Conseil législatif et des affaires générales an dem Conseil des affaires étrangères. All aner Formatioune gi vum europäesche Rot décidéiert. Dës drastesch Vereinfachung kann dozou féieren, de Conseil Affaires générales massiv opzewäerten.

Am Ministerrot bleift d'Rotatioun vum Virsëtz bestoen. All Land ass an där Hinsicht gläich. Wéi dat praktesch stattfënnt, muss nach gekläert ginn.

**Une voix**.- Merci pour l'explication!

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, et bleiwen dann dräi institutionell Punkten, déi vill diskutéiert ginn. Den éischte Punkt ass d'Zesummesetzung vun der Kommissioun. Déi Politiker a Politikerinnen, déi sech haut fir d'Représentatioun vun all Land an der Kommissioun staark maachen, vergiessen, dass de Vertrag vun Nice, deen a Kraaft ass, d'Weiche fir d'Europäesch Unioun mat 27 Länner gesat huet. Den Traité vun Nice huet festgehalen, ech zitéieren: « Lorsque l'Union compte 27 Etats membres, le nombre des membres de la Commission est inférieur au nombre d'Etats membres. Les membres de la Commission sont choisis sur la base d'une rotation égalitaire, dont les modalités sont arrêtées par le Conseil, statuant à l'unanimité ».

Dat heescht, wann de 27. Memberstat antrëtt, da gëtt d'Kommissioun méi kleng wéi et Memberstate gëtt. Et muss also eng Solutioun fonnt ginn, déi net am Traité vun Nice steet, et sief dann et stellt een de Vertrag vun Nice a Fro.

Perséinlech hätt ech kee Problem mat enger Kommissioun vu 27 oder 30. Ech menge souguer et géif Aarbecht fir se alleguer ginn. Mä de Problem ass net, dass ze vill Leit an der Kommissioun ronderëm den Dësch sëtzen, de Problem ass de politeschen Equiliber. No enger Kommissioun vun 20, déi mer elo hunn, mat 10 Kommissären aus de fënnef grousse Länner, kommen an Zukunft sechs Kommissären aus grousse Länner an 21 Kommissären aus klengen a mëttlere Länner. Och wann ee mat aller Energie d'Gläichheet vun de Memberlänner ënnersträicht, gesäit een, dass do e Problem ka sinn.

Wann een eng méi kleng Kommissioun duerch eng gläich Rotatioun bestëmmt, da fäerten déi grouss Länner, dass se net dobäi sinn. Dat huet ee jo scho gehéiert um Owend vum europäesche Rot. Den Här Schroeder huet dozou eppes gesot, an net méi spéit wéi haut de Moien hu mer och nach eng Propositioun vum Här Pierre Lequiller, dem President vun der Delegatioun vun der Assemblée nationale fir d'Europäesch Unioun, krut. Dee wëllt eng Kommissioun wéi de Sécherheetsrot, mat enger permanenter Vertriedung fir déi grouss Länner an eng Rotatioun fir déi kleng Länner. Dat gëtt also eng Ausernanersetzung iwwert de Sënn vu Rotatioun. Ech mengen, op jidde Fall war et de Wonsch fir de System vun der gläichméisseger Rotatioun an d'Verfassung anzeschreiwen.

De Beneluxkompromiss ass dofir interessant, well en all Land dat verbréiften a virausschaubaart Recht gëtt um Dësch ze sëtzen, eng Kéier als stëmmberechtegte Member, eng Kéier als net stëmmberechtegten an trotzdeem erlaabt eng manner grouss Kommissioun ze hunn. Et gëtt doniewent nëmmen zwou aner Méiglechkeeten. Déi eng ass natierlech déi komplett Lassléisung vun der Compositioun vun der Kommissioun am Hibléck op d'Nationalitéit vun de Kommissären. Dat heescht, dass de Kommissiounspresident seng Kommissioun no de Kompetenzen exklusiv vun de Memberen, déi hien auswielt, géing zesummesetzen. Dat kann heeschen, dass Lëtzebuerg jorzéngtelaang kee Kommissär méi hätt, wat natierlech net akzeptabel ass.

Déi zweet Méiglechkeet ass wéi gesot eng Kommissioun mat esou ville Membere wéi Länner, eng Solutioun, déi déi grouss Länner menger Meenung no net akzeptéieren, a wa se se géifen akzeptéieren, da géifen se hiert Gewiicht héchstwahrscheinlech op engem anere Plang ze verstäerke sichen.

Den zweete kontroverséierte Punkt ass d'Zuel vun den Deputéierten am Europaparlament. D'Léisung vum Konvent ass kloer an awer net 100%eg kloer. De springende Punkt ass fir d'éischt d'Zuel vu 736 Deputéierten, déi als héchsten Zuel an der Verfassung festgeluecht ginn. De toute façon, dat wëll ech hei kloer soen, behale mer sechs Deputéierte bis 2009.

No der Verfassung muss d'Europaparlament virun de Wahle vun 2009 eng Propositioun iwwert d'Zesummesetzung vum Parlament vun 2009/2014 maachen, iwwert déi de Conseil européen eestëmmeg décidéiert. Fir d'Wahlen duerno geschitt datselwecht. D'Verfassung leet also nëmmen eng Héchstzuel fest, déi an Zukunft net méi soll dépasséiert ginn, och wa mer zum Beispill zu 33 sinn. Si leet och zwee Prinzipie fest, en ënneschte Seuil vu véier, an de Prinzip vun der degressiver Proportionalitéit. Dat heescht, dass kee Land manner wéi véier Deputéiert kann hunn, an dass, wat d'Bevölkerungszuel méi kleng ass, d'Tranche vun der Bevölkerung fir en Deputéierte méi kleng gëtt.

Fir Lëtzebuerg ass also an engem Europa mat 27 keng Ännerung ze erwaarden. Wat duerno geschitt ass natierlech eng Saach vu Verhandlungen, souwuel am Europaparlament wéi am Conseil européen. Op kee Fall kann een elo soen, dass mer an Zukunft nëmme véier Deputéierte wäerte kréien.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Awer och net, dass mer der sechs behalen!

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Ech hunn dat jo erkläert, Här Statsminister.

Den drëtte Punkt ass d'Vertriedung vun de Memberstaten am Conseil. Dëst ass e Froekomplex, dee vun de Medien a vun der Politik op de permanente President vum europäesche Rot reduzéiert gouf. D'Iddi ass jo vu gréissere Länner wéi Frankräich, England, Spuenien virbruecht ginn, dem Conseil européen e President fir zweemol zweeanenhalleft Joer, also fënnef Joer ze ginn. Dat ass kloer de Versuch d'Versammlung vun de Statsa Regierungschefen am institutionelle Gefüge méi staark ze maachen. Erlaabt mer dozou méi prezis ze ginn.

Bekanntlech gëtt d'Interessevertriedung vun den eenzelne Memberstaten am institutionelle Gefüge vun der Europäescher Unioun duerch den europäesche Rot, also d'Vertriedung vun de Stats- a Regierungschefen, an duerch de Ministerrot, also d'national Ministeren assuréiert. Mat der Zäit sinn an där Interessevertriedung eng Partie Dysfonctionnementer opgetratt.

Grosso modo kann ee soen, dass de Conseil affaires générales, also de Koordinatiounsgremium vun den Ausseministeren, ëmmer méi Pouvoiren un den europäesche Rot verluer huet. An och de Conseil fir d'Relations extérieures, dee vum Conseil affaires générales getrennt gouf, spillt aussepolitesch net déi Roll, déi em zougeduecht war.

Keen huet dat besser formuléiert wéi de Jacques Poos an engem Bericht vum Europaparlament iwwert d'Reform vum Conseil am September 2001. Hien huet eng Partie Dysfonctionnementer vum Conseil opgezielt, dorënner dat hei: « La montée en puissance du Conseil européen dans le cadre des institutions européennes n'est pas étrangère aux dysfonctionnements du Conseil. Avec les « Sherpas » des Chefs d'Etat et des Premiers Ministres est née une filière de préparations et de commandement parallèle, opaque et intergouvernementale par essence.

La Commission s'est trouvée encore une fois écartée de ce mécanisme et a perdu des pans entiers de son pouvoir de proposition. Toute question importante remontant au sommet, c'est uniquement la Présidence du Conseil qui garde une vue d'ensemble. En se renforçant et en augmentant son emprise, le Conseil européen a changé la nature du mécanisme et de l'équilibre institutionnel: l'intergouvernemental et la diplomatie secrète sont revenues par la grande porte. »

Firwat ass de Conseil européen esou e wichtegt Organ ginn?

No der Verfassung an no dem fréieren Artikel 4 vun dem Traité vun der Union européenne soll hie strategesch Impulser ginn. A Wierklechkeet ass an de Verträg net kloer ze erkennen, wat seng effektiv Pouvoire sinn. Et muss ee schonns déi Verträg duerchkämmen, fir dat erauszefannen. Zum Beispill hëlt hien de Programme pluriannuel fir d'Unioun un. Hien huet d'Verantwortung fir d'Aussepolitik, op jidde Fall wat d'Prinzipien an d'allgemeng Orientatiounen ugeet. Hien huet d'Verantwortung fir d'grandes orientations de politique économique, fir den Emploi. Hie siégéiert als Conseil an der Formatioun vu Stats- a Regierungschefe fir d'Union monétaire, fir d'Droits de l'homme. Hie këmmert sech ëm d'Strategie vu Lissabon an d'Méthode ouverte de coordination, décidéiert Nominatiounen an och Sëtzer vun Agencen an Institutiounen. An de Conseil européen ass och d'Regierungskonferenz.

Dëst ass de Kär vun der Fro. Well de Conseil européen esou eng wichteg Roll spillt, soll hien an der Verfassung eng eegen Institutioun sinn niewent dem Conseil des ministres. D'Lëscht vun den Institutiounen am Artikel 18 vun der Verfassung zielt op: „Le cadre institutionnel de l'Union européenne comprend le Parlement européen, le Conseil européen, le Conseil des ministres, la Commission européenne, la Cour de Justice". Dat ass d'Opzielung vun den Institutiounen am Artikel 18. Dobäi muss ee bemierken, dass den Här Giscard d'Estaing a sengem éischten Entworf de Conseil européen un éischter Plaz gesat hat, als dat iewescht Organ. Am Benelux-Virschlag dogéint war wéi bis elo de Conseil européen als en Deel vum Conseil ugesi ginn.

Ech hu mech selwer e puermol vis-à-vis vum Här Giscard d'Estaing géint déi Opstockung vum Conseil européen als Gremium vun europäeschen Überväter a -mütter gewiert. Ech muss allerdéngs soen, dës Positioun hat am Konvent wat d'Evolutioun ugaangen ass, kee Succès. Ze vill staark ass den Drock ënnert de mächtege Männer a Fraen an Europa fir de Conseil européen.

Fir mech ass dofir de springende Punkt wéi kloer d'Kompetenze vum Conseil européen ofgetrennt ginn, an esou laang dat net geschitt, bleift dee Conseil fir mech e Gremium, deen den intergouvernementale Charakter vun der Europäescher Unioun au détriment vun der communautairer a federaler Method am institutionelle Gefüge vun der Europäescher Unioun verstäerkt. Dobäi kréien d'Ministeren a besonnesch d'Ausseministeren ëmmer den zweete Präis. Si bleiwen ëmmer an ëmmer méi am Schiet vun de Stats- a Regierungschefen.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Très bien!

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- D'Fro no der Féierung vum Conseil européen stellt natierlech d'Fro vum Leadership an dem erweiderten Europa. Selbstverständlech kann dat Europa vu 27 oder 33 net méi gefouert gi wéi en Europa vu sechs oder 15. Et wäert, wéi et elo no der Constitutioun ausgesäit, an Zukunft dräi wichteg Ämter an der Europäescher Unioun ginn: de President vun der Kommissioun, de President vum Conseil européen, den europäeschen Ausseminister. Et muss natierlech verhënnert ginn, dass déi Rivale ginn, amplaz dass si en Team sinn. Dofir ass d'Fro, wien de Conseil européen presidéiere soll, esou wichteg.

Wann de Conseil européen besser fonctionnéiere soll, wa seng Décisiounen och deen néidege Suivi kréie sollen, déi se net ëmmer kréien, wann eng Evaluatioun vu sengen Décisioune muss gemaach ginn, da brauch een dofir eng staark Perséinlechkeet, déi iwwert der Mêlée steet an déi net en direkten Interessi an deem Conseil vun deene Chefe vun de Stats- a Regierungschefen huet.

Esou e President, sief gesot, kann natierlech schwéier en nationaalt Mandat ausfëllen. Dat kann hie sechs Méint maachen, mä keng fënnef Joer laang. Dofir ass fir mech, Här President, d'Perspektiv, dass de Kommissiounspresident President vum Conseil européen ka ginn, déi eenzeg logesch. Domat wier d'Gefor vun zwee Rivalen un der Spëtzt vun Europa évitéiert. Wichteg ass och, dass gekläert gëtt, dass et den Ausseminister ass, deen d'Aussepolitik féiert.

Wa mer dat fäerdeg bréngen, Här President, dann hu mer kloer ofgetrennte Kompetenze fir jiddferee vun deenen dräi an hunn eng Féierungséquipe, déi den intergouvernementale wéi och de communautairë Plang zesumme kann ofdecken.

Här President, et bleift dann dee wichtegen drëtten Deel, fir deen de Konvent nach zweemol zesummekënnt. Wéi de Conseil européen zu Thessaloniki gesot huet, soll e sech ëm Froe reng technescher Natur bekëmmeren, mä kaum war de Sommet eriwwer, hate schonns eng Partie Regierunge wéi Frankräich, Portugal, d'Belsch, wichteg inhaltlech Verbesserungsanträg iwwert deen drëtten Deel abruecht. Insgesamt goufe bis de Moien 1.700 Ännerungsanträg virgeluecht. Eng interessant Inkonsequenz, déi Froen opwerft wéi seriö munch Konklusioune vum Conseil européen sinn.

Et bleiwen natierlech vill Froen am Raum, och mat dëser Verfassung. Eng éischt Fro betrëfft d'Majoritéitsdécisiounen an d'Eestëmmegkeet. Selbstverständlech huet all Land seng eegen Intérêten a jiddferee fäert fir seng Hiewelen an der Europäescher Unioun. Et muss een allerdéngs och wëssen, dass mer zu 27 keng Décisioun eestëmmeg méi huelen.

Den Alain Lamassoure, e franséischen Deputéierten, huet déi Artikelen, déi der Eestëmmegkeet nach ënnerleie wäerten, „des articles menteurs" genannt, well si täusche vir d'Europäesch Unioun wéilt op deene Gebidder eppes maachen, kann et awer duerch d'Eestëmmegkeet net, esou dass ee sech berechtegterweis d'Fro stelle muss, ob et iwwerhaapt nach e Wäert huet dat als eng europäesch Kompetenz ze féieren. Ech weess, et sinn och Passerellen an der Verfassung, wou ee mat Eestëmmegkeet kann décidéieren op d'Majoritéit iwwerzegoen, mä wéi gesot, d'Eestëmmegkeet ass do natierlech e grousst Hënnernes.

Zu de Majoritéitsbeschléss, an do schléissen ech mech ausdrécklech dem Här Wiseler un, soll natierlech och d'Aussepolitik gehéieren. D'Fro stellt sech allerdéngs, ob een dat kann. Hätt een zum Beispill iwwert den Irak-Konflikt ofstëmme kënnen? Ech mengen, dat wär komplizéiert gewiescht. Esou Décisioune stinn um Enn vun engem laange Prozess vun interner Zesummenaarbecht.

Villes ass och um Plang vun der ënnerer Sécherheet an d'Majoritéit iwwergaang, an dat ass e grousse Erfolleg fir d'Sécherheet vun de Bierger, fir de Kampf géint d'international Kriminalitéit, fir Problemer vun Awanderung an Asyl zesummen ze léisen.

Och um soziale Plang bleift nach munches ze maachen. Och um Plang vun der Gouvernance économique an och um ekologesche Plang. Ech bedaueren an dësem Zesummenhang, dass den Traité EURATOM aus dem Joer 1957 tel quel iwwerholl gëtt. Den Traité ass en eenzegt Loblied op d'zivil Notzung vun der Energie nucléaire, an ech mengen, dat wär wierklech net akzeptabel an enger Zäit, wou vill europäesch Länner aus der Nuklearenergie erausklammen. Ech mengen, et soll een décidéieren, dass de Vertrag bis 2007 ausleeft, an da soll een déi sécherheets- a gesondheetspolitesch Mesuren, déi an deem Vertrag dra sinn, an d'Verfassung iwwerdroen.

Schlussendlech wëll ech och nach hei ënnersträichen, dass d'Fro vun de Services d'intérêt général, also den öffentlechen Déngschtleeschtungen, vill Wellen am Konvent gemaach huet, an dass et scho wichteg ass, dass mer do vläicht nach en Hoff maachen an deenen zwou nächste Sitzunge fir eng Base juridique ze kréien, fir den Accès dozou ze garantéieren.

Dat waren, Här President, eng Partie Punkten, déi ech ënnersträiche wollt. Ech wollt dann och nach d'Resolutioun vun onser Fraktioun iwwert de Referendum virleeën. Mir hu jo als Fraktioun gesot, dass mer der Meenung sinn, dass een e Referendum soll halen natierlech iwwert de finalen Text, deen herno an der Regierungskonferenz erauskënnt, net iwwert d'Verfassung, déi jo elo eigentlech nëmmen e Projet ass, étant donné dass déi Verfassung, wéi se elo virläit a wéi se hoffentlech vun der Regierungskonferenz largement respektéiert gëtt, eng ganz Partie Avancéeën enthält.

***Résolution 1***

*La Chambre des Députés,*

*- saluant le projet de Constitution, élaboré par la Convention sur l'avenir de l'Europe et prenant acte que les chefs d'Etat et de gouvernement réunis au Conseil européen de Salonique ont considéré le projet de Constitution comme une bonne base de travail pour les prochains travaux de la Conférence intergouvernementale (CIG) ;*

*- considérant que les vingt-cinq gouvernements se sont donné un an pour signer avant les élections européennes du 13 juin 2004, un traité qui donnera à l'Europe une nouvelle Constitution ;*

*- considérant que les négociations, qui débuteront en octobre dans le cadre de la CIG, devront être menées le plus rapidement possible, voire être closes avant la fin de l'année ;*

*- se félicitant de certains acquis de la Convention en vue d'un renforcement de l'Union européenne, tels que*

*1. l'intégration de la Charte des droits fondamentaux, qui assurera une meilleure protection des citoyens ;*

*2. l'octroi de la personnalité juridique à l'Union européenne qui devrait lui permettre de conclure des traités en tant que telle et d'accroître son rôle sur la scène internationale ;*

*3. une participation plus active des parlements nationaux ;*

*4. la construction d'un espace commun de liberté, de sécurité et de justice, qui vise à harmoniser les politiques d'asile et d'immigration, ainsi qu'à favoriser la coopération judiciaire et policière ;*

*5. plus généralement, la simplification qu'apporte la future Constitution dans la multiplicité des textes en vigueur ;*

*- jugeant que le projet de traité constitutionnel marque le renforcement de la démocratie en Europe, rencontrant ainsi l'aspiration des citoyens désireux d'intervenir dans la politique européenne ;*

*- considérant que la nature constitutionnelle, ainsi que la portée du texte proposé par la Convention, requièrent son adoption tant par les Etats membres que par les citoyens européens ;*

*- considérant que la consultation populaire est un moyen approprié à la fois pour réduire le déficit démocratique de l'Union européenne et pour consolider l'espace public européen en formation ;*

*- se déclare en faveur de la tenue d'un référendum portant sur le texte final du Traité instituant une Constitution européenne accepté par la Conférence intergouvernementale.*

*(s.) Ben Fayot, Jean Asselborn, Alex Bodry, Jeannot Krecké, Jos Scheuer.*

Da wëll ech och nach eng Motioun virleeën, Här President, déi vu bis elo dräi Fraktiounen ënnerschriwwe ginn ass. Ech hunn awer d'Hoffnung, dass ons Kolleege vun der CSV se nach wäerte mat droen. Eng Motioun, där hir Teneur am Dispositif et ass, dass mer d'Regierung invitéieren an der Regierungskonferenz op der Basis vum Text vum Konvent ze agéieren, an dass den Text vun der Verfassung verbessert gëtt an dass mer och wënschen, dass d'Chamber dorunner associéiert gëtt.

Déi Motioun, Här President, ginn ech lech an zwou Minutten, wann d'Ënnerschréften alleguerten drop sinn.

Da fir ofzeschléissen, Här President, just ee Wuert. De Konvent war fir déi gewielte Vertrieder vum nationale Parlament eng formidabel Geleeënheet e Wuert iwwer Europa matzeschwätzen. En huet zwar net alles, mä villes bruecht. En huet gewisen, dass et nach Begeeschterung fir Europa gëtt. Mir sollen déi Begeeschterung weiderdroe mat Sachlechkeet. Mir hunn all d'Verantwortung fir en vereenegt Europa, fir de Fridden an den Zesummenhalt vum europäesche Kontinent an all Kraaft muss an déiselwecht Richtung goen. Lëtzebuerg als Grënnerland ass méi wéi jee gefuerdert ze vermëttelen a matzeschaffen.

Ech soen lech merci!

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- saluant la réussite de la Convention à dégager un consensus, sans options, pour répondre au mandat du Conseil européen de Laeken en décembre 2001, à savoir rendre l'Europe élargie plus efficace, plus démocratique et plus transparente;*

*- saluant l'approche de nature constitutionnelle destinée à renforcer la communauté de valeurs qui unit les citoyens européens;*

*- saluant que selon le principe de la démocratie participative la Commission peut, sur l'initiative d'un nombre significatif de citoyens de l'Union issus d'un nombre significatif d'Etats membres, être invitée à soumettre une proposition appropriée sur des questions pour lesquelles ces citoyens considèrent qu'un acte juridique de l'Union est nécessaire ;*

*- considérant que le projet de Constitution, élaboré par la Convention, contient des avancées substantielles sur les nouvelles missions de l'Union et sur l'architecture institutionnelle telles que l'intégration de la Charte des droits fondamentaux dans le traité, l'octroi à l'Union européenne d'une personnalité juridique, la clarification des compétences de l'Union, la simplification des procédures législatives et des instruments de l'Union;*

*- saluant que le rôle des parlements nationaux soit renforcé par des avancées majeures, notamment dans le contrôle du principe de subsidiarité;*

*- soulignant que la méthode de la Convention, souhaitée par la Chambre des Députés, a prouvé son efficacité en permettant une large participation démocratique des forces politiques et de la société civile;*

*- rappelant que les représentants des Parlements nationaux et la Convention ont soutenu la méthode conventionnelle pour toute révision substantielle de la future Constitution européenne;*

*- constatant toutefois que certains points restent insatisfaisants et devront être améliorés lors de la prochaine Conférence intergouvernementale, notamment le recours insuffisant au vote à la majorité qualifiée et la sauvegarde de l'équilibre institutionnel ;*

*invite le Gouvernement*

*- à oeuvrer lors de la Conférence intergouvernementale, sur base du texte de la Convention, pour que le projet de traité constitutionnel soit amélioré là où les citoyens ont des attentes particulièrement fortes, notamment dans les domaines de la politique étrangère et de défense, dans le champ social et en matière de gouvernance économique européenne;*

*- à associer dans les meilleures conditions la Chambre des Députés aux travaux de la Conférence intergouvernementale.*

*(s.) Ben Fayot, Gast Gibéryen, Paul Helminger, Jos Scheuer, Claude Wiseler.*

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Paul Helminger agedroen. Den Här Helminger huet d'Wuert.

**M. Paul Helminger** *(DP)*.- Här President, et ass elo scho ganz vill iwwert dee Konvent gesot ginn an ech wäert probéieren net alles dat ze widderhuele wat meng zwee Virriedner gesot hunn a wou ech souwisou largement mat hinne kann d'accord sinn.

Ech géing wëlle mat e puer allgemenge Remarken ufänken, well ech mengen et kann een de Bilan vun deem Konvent an domat och dann zu gläicher Zäit den Ausbléck op dat wat nach an där Conférence intergouvernementale elo zur Debatt stoung, déi Erwaardungen, déi Erausfuerderungen, déi u si gestallt sinn, eigentlech nëmme richteg jugéiere wann een awer dee Konvent erëm e bëssen a säi Kontext setzt, wat iwwregens meng Virriedner jo och scho gemaach hunn.

Firwat sinn d'Regierungschefen, d'Statschefe finalement zu Nice zur Konklusioun koum, zu enger Konklusioun, déi se zu Nice formaliséiert hunn, fir e Konvent zesummenzeruffen, fir sech Gedanken ze maachen iwwert d'Zukunft vun Europa an dat mat engem relativ breede Mandat, deen zwar net all Froen am Detail opgezielt huet, mä deen awer esou formuléiert war, wéi gesot, datt et berechtegt war fir all Fro iwwert d'Fonctionnéiere vun Europa an iwwert d'zukünfteg Entwécklung vun deem Europa um Konvent unzeschneiden, wat jo och herno geschitt ass.

Ech mengen, et ass ganz kloer, datt dee Konvent zesummegeruff ginn ass, well d'Stats- an d'Regierungschefen selwer zu enger Konklusioun komm sinn, déi, souwäit ech mech jiddefalls erënnere kann, hei an dëser Chamber x-mol, wa mer iwwer Europa geschwat hunn, wa mer déi verschidde Verträg, déi sech am Laf vun de Joren, entweder en Elargissement méiglech gemaach hunn oder eng Reform vun den Institutiounen sollten an d'Wee leeden oder nei Gebitter vun der europäescher Politik erschléissen, eng ganz Rei Riedner, an zu deenen hunn ech och gehéiert, der Meenung waren, datt awer geschwënn de Moment do wier, wou mer eis eng Kéier misste méi kohärent ausenanersetze mat dem Fonctionnéiere vun deem Europa, an datt déi Mini-Reformen, déi Mini-Schrëtt no vir ganz oft zu méi Ontransparenz, méi Inkohärenz an eis méi wäit ewech vum Bierger gefouert hunn.

Ech mengen, et war d'Realisatioun, datt et dofir noutwendeg wär en neien Ulaf ze huelen, besonnesch an engem Moment wou Europa vun enger Erweiderung stoung, déi beispilllos war, praktesch eng Verdueblung vun hirer Memberzuel, datt et do also noutwendeg wier, fir sech dat Ganzt eng Kéier méi fundamental ze iwwerleeën.

Wat fir e Konvent hunn d'Stats- an d'Regierungschefen dunn zesummegeruff? Si hunn e Konvent zesummegeruff, deen emol éischtens, an ech mengen dat ass jo remarquabel, deem fundamentale Gläichheetsprinzip vun de Memberstate Rechnung gedroen huet. Däitschland hat dräi Effektiv- an dräi Suppléantsmemberen, och Lëtzebuerg hat dräi Effektiver, Malta hat der och dräi an alleguerten déi aner Länner och. Et war e Konvent, deen zesummegesat war aus deene véier Komponenten, déi haut an Europa déi Haaptacteure sinn, d'Vertrieder vun den nationale Parlamenter, d'Vertrieder vum Europaparlament, d'Vertrieder vun de Regierungen a Vertrieder vun der Kommissioun. Si hunn also alleguerte kënne matschwätzen, ouni datt vu vireran eng Gewiichtung virgeholl ginn ass, esou datt also d'Meenungen an d'Iddien an d'Beiträg vun deenen engen esou gutt ware wéi vun deenen aneren.

Oh, net grad ganz just, well am Ufank do hu mer - déi Kolleegen, déi mat mer am Konvent souzen, kënnen sech dorun erënneren - dach awer e puer Woche laang e Prozedursträit driwwer gefouert, ob dann elo déi Kolleegen, déi déi nei Bäitrëttskandidaten deemools nach vertrueden hunn, och kënnte Beiträg maachen. Dat eenzegt wat Laeken gesot hat war jo eigentlech, datt se de Konsens net kënnte verhënneren, wann e sech da géing maachen, mä op wellech Manéier si géinge kënnen un den Diskussiounen deelhuelen, dat war net preziséiert - datselwecht gëllt iwwregens och fir eis Suppléanten.

Dat huet sech awer séier geregelt an et war finalement e Konvent wou jiddereen, deen eppes ze soen hat, och dat konnt soen, net ëmmer mëndlech, well mer do ënnert der strenger Fuchtel vum President éischtens wéineg Zäit haten, an awer trotzdeem net ëmmer alleguerten zu Wuert komm sinn, mä awer schréftlech jiddefalls konnt jiddereen do sech ausdrécken an dat huet och gegolle fir déi, déi net direkt Member vum Konvent waren, déi Institutioune wéi de Conseil économique et social, de Comité des régions, mä och iwwerhaapt d'Société civile konnt hir Beiträg dozou leeschten.

Dee Konvent ass presidéiert ginn, an och dat ass eng Saach do huet de Konvent selwer ganz wéineg Choix gehat, wéinstens de Kär vum Presidium war virbestëmmt vun der Regierungskonferenz, déi de Konvent agesat huet, an der Persoun vum Giscard d'Estaing als President, dem Giulio Amato als Vizepresident an dem Här Dehaene als zweete Vizepresident. Dobäi huet dann de Konvent effektiv wéinst deene verschidde Komponenten nach kënne Leit dohinner delegéieren, esou datt finalement eng Dose Leit am Presidium do waren, deenen hir Aufgab et sécherlech war fir dee Konvent do ze dirigéieren, soss hätte mer jo kee gebraucht.

Dee Konvent, an dat ass déi drëtt Bemierkung, déi ech wollt maachen, krut jo gesot, e géing am Konsens schaffen. Domat war scho virbestëmmt, datt forcément een huet missen do sinn, deen dee Konsens géing formuléieren. Well e President wier ëmmer duer gaange fir ze soen, ech hunn elo hei Amendementer, elo stëmme mer of. Wien ass dofir? Wien ass dergéint? Dat wär en aneren Type vu Présidence gewiescht.

Hei hu mer eng Présidence gebraucht, ofgesi vun de Persounen, déi se konstituéiert hunn, déi am Wesentlechen do ware fir nozelauschtere wat an deem Konvent gesot ginn ass, wat erageschriwwe ginn ass an da fir doraus eppes ze formuléiere wat ebe just net sollt engem Vote ënnerbreet ginn, mä wat sollt dozou féieren, datt wann um leschten Dag, an dat ass jo och dann effektiv de leschten Dag geschitt, wann een dat dann op den Dësch leet, an do ass nach vill an deenen 48 Stonne virdru geännert ginn, datt dann net den halwe Konvent opspréngt a seet, domat kann ech net d'accord sinn.

An dat ass jo och effektiv dat wat geschitt ass a wéi gesot, ofgesi vun all Remarken iwwer Stil oder Prozeduren, déi ee sécherlech berechtegterweis ka maachen, muss ee feststellen, datt aus dem Konvent finalement en Dokument erausgaangen ass, wat ouni Optiounen de Stats- a Regierungschefe konnt virgeluecht ginn a wat eben dann dee Kompromëss duerstellt, zu deem de Konvent komm ass a mat deem elo d'Regierungskonferenz da kuckt wat se dovunner wëllt zréckbehalen a wéi se doraus wierklech dann en Traité mécht instituant une constitution de l'Union européenne.

Et ass net verwonnerlech, datt am Kader vun deem Exercice alles dat erëm zum Virschäi komm ass wat iwwert dat lescht halleft Jorhonnert den Développement vun der Europäescher Unioun geprägt huet. Well mir probéieren hei e Schrëtt ze maachen aus dem Pragmatismus eraus, aus deene Solidaritéis de fait, vun deenen de Monnet an de 50er Jore geschwat huet, an déi de Grondsteen gëschter an haut ware vun deem Europa eriwwer ze goen an en Europa wat eng Verfassung huet an dat ass, wéi de Kolleeg Claude Wiseler scho gesot huet, eppes fundamental aneschtes.

Bis elo war d'Démarche vun Europa, datt mer Saachen zesumme gemaach hunn, festgestallt hunn, datt mer der géinge wëllen zesumme maachen. Et war och am Fong erstaunlech, wann ee kuckt iwwert déi ganz Zäit, iwwer wat mer do alles d'accord ware fir et zesummen ze maachen, mä datt bal all Kéiers wa mer décidéiert hu mir géingen eppes zesumme maachen oder d'Regierungen décidéiert hu si géingen dann elo eppes zesumme maachen, awer och eng extra Method, extra Prozedure fonnt gi si fir Décisiounen ze huelen. Gëtt d'Europaparlament gefrot? Gëtt et net gefrot? Wat ass d'Roll vun den nationale Parlamenter?

Bref, aus deem Pragmatismus ass eppes entstanen, wat am Endeffekt zimlech onduerchsiichteg war. Eng Verfassung soll jo ebe just doranner Richtlinne bréngen, eng gewësse Klorheet bréngen. Et ass awer grad esou kloer, datt déi, déi wëlle vill Europa hunn, eng Verfassung gäre gehat hätten, déi op wär, déi de Wee fir d'Zukunft méiglechst mann géif verspären, au contraire souguer eng Verfassung wou méiglechst vill géing dra stoe vun deem Neien, dat se gären zesumme géinge maachen. Et ass grad esou evident, datt déi, déi och an der pragmatescher Approche déi waren, déi am längste gezéckt hu fir eppes matzemaachen, datt déi eng Heedenangscht haten, datt an der Verfassung hei géingen ebe Saachen dra stoe kommen, Diere géingen opgemaach ginn, mat deenen se net kéinten d'accord sinn.

Et sinn also déiselwecht Ambitiounen, déiselwecht Reserven, déiselwecht Befierchtungen, déi an deem Konvent hei zum Ausdrock komm sinn an déi awer, mengen ech, ebe grad just well d'Method déi war vum Konsens et erméiglecht hunn, dass jiddfereen, deen de Befierchtunge konnt Ausdrock ginn, awer net forcéiert war fir wéinst deene Befierchtungen neen ze soen zu eppes, esou datt dat Resultat zu Stane komm ass, wat en fin de compte dann elo um Dësch läit.

Laeken hat deem Konvent dräi Aufgabe mat op de Wee ginn. Et soll probéiert gi fir d'Europäesch Unioun méi no bei de Bierger ze bréngen, et soll probéiert gi se méi demokratesch ze gestalten an et soll probéiert gi se méi effikass ze maachen.

Ech géing kuerz déi dräi Themen do wëlle beliichten. Méi no beim Bierger. Ech hu scho gesot, et war eng Folleg vun der pragmatescher Approche, datt Europa ëmmer méi komplizéiert ginn ass. Dat ass déi eng Dynamik, déi dozou gefouert

huet fir eben dann dorunner eppes ze änneren. Mä et ass och eng aner, déi méi inhärent ass, eng Noutwendegkeet, déi aus der Substanz hier kënnt vun deem wat Europa haut mécht.

Europa huet ugefaange mat Kuel a Stol, jo, mä Europa huet ugefaangen, an dat ass och haut géing ech mengen nach ëmmer eng grouss aussepolitesch Ambitioun, fir dass Europa soll ni méi ënner senge Memberstate seng Différenden duerch Krich ausdrécken, dass et do wär fir zesummen dofir ze suergen, dass eis Bierger am Wuelstand kéinte liewen, de Wuelstand, dee jo déi wesentlech Basis ass fir déi sozial Ofsécherung un där mer alleguerten esou staark hänken.

Mä et ass e Fait awer och, datt, nodeem mer eng Rei aussepolitesch Theme bewältegt haten, mer eis haut ëmmer méi der Innenpolitik zoukéieren. Wann ech den Domän vun der Bewegungsfräiheet vun de Bierger huelen, dann ass et jo ganz kloer, datt dat haut Problemer stellt vun der Sécherheet, vun der Kriminalitéit, déi iwwert d'Grenze ginn. Wann ech vun der Bewegungsfräiheet vun de Bierger schwätzen, da schwätzen ech jo och vun der Bewegungsfräiheet vun deene Bierger, déi iwwert d'Grenze schaffe ginn. Domat stellt sech de Problem vun der Kohärenz vun der sozialer Ofsécherung iwwert d'Grenzen ewech. Dat sinn nun awer typescherweis Problemer, déi éischter fréier zu der Innenpolitik gehéiert hunn an net zu deene Problemer, déi mat der klassescher Definitioun vun der Souveränitéit vun engem Stat ze dinn hunn.

Dofir ass et zum Beispill esou wichteg, dass déi Charta vun de fundamentale Rechter elo an déi Verfassung soll ageschriwwe ginn, well déi niewent deene klassesche Fräiheeten: Fräiheet fir sech zesummen ze dinn, Meenungsfräiheet, Glawensfräiheet a Fräiheet fir sech ze bewegen, och elo eng ganz Rei ganz prezis sozial a wirtschaftlech Rechter vu Bierger beinhalt, déi an Europa an Zukunft fir jiddferee gëlle sollen.

Wat d'Vereinfachung vun den Texter ugeet, géing ech awer wëllen dem Vizepresident Amato a sengem Groupe de travail e grousst Kompliment maachen. Sécher, eng europäesch Constitutioun gëtt ni en Text wéi de Giscard d'Estaing et eng Kéier gesot huet: « Il faudrait qu'elle soit lisible par un lycéen. » Dat ass natierlech eppes wat mam beschte Wëllen en Zil ass, wat sécherlech net erreechbar ass, mä ech géing awer behaapten, datt par rapport zu der Multitude vun Traitéen, déi mer virdrun haten, dat, wat elo um Dësch läit, doranner eng gewësse Vereinfachung bruecht huet.

Datselwecht gëllt fir déi Strukturen, datselwecht gëllt fir déi Décisiounsprozedure wéi mer ugefaangen haten, kann ech mech erënneren, dass an engem Aarbechtsgrupp de Kont gemaach gi war, do sinn et iwwer 35 verschidde Manéiere ginn, laut deenen d'Unioun Décisiounen hëlt, déi sinn awer wesentlech reduzéiert ginn op eng Dosen haut, esou dass dat awer, mengen ech, am Sënn vun der Vereinfachung och et méi liicht fir de Bierger mécht, fir dat ze verstoen.

Mä virun allem ass jo déi grouss Avancée, déi, géing ech mengen, am Déngscht vum Bierger oder am Sënn vum Bierger stattfonnt huet, déi um Plang vun der Subsidiaritéit a vun der Roll vun den nationale Parlamenter, deenen hir Roll och emol eng Kéier méi kloer definéiert ginn ass. Mir hunn eis menger Meenung no verrannt, wa mer ëmmer erëm an zousätzlechen internationale Gremien eis zesumme gedoen hunn, mat den Europarlamentarier an esou weider, an hunn dobäi e bësse vergiess wat dann d'Roll vun deenen eenzelnen ass.

D'Roll vum Europaparlament ass déi fir um europäesche Plang legislativ virzegoen an d'Roll vun den nationale Parlamenter ass et fir um nationale Plang hir Aufgab ze erfëllen. Déi Aufgab besteet doranner, dass se engersäits d'Aktioun vun hirer Regierung an deenen europäesche Conseile kontrolléiert, an dass se anerersäits natierlech och, an dat ass déi ganz nei Roll, déi se elo kritt hunn, formal abezu ginn an dee Prozess, fir iwwerhaapt vu virewech mat ze décidéieren, ob eppes iwwerhaapt soll um europäesche Plang ugaange ginn oder ob et net besser um Plang vun de State soll bleiwen. Do – an ech kommen net nach eng Kéier op déi Prozeduren zréck, déi zréckbehale gi sinn - hu mer eis d'Méi gi fir dofir ze suergen, dass se engersäits dee legislative Prozess net erschwéieren, net ophalen, mä awer anerersäits de Parlamenter d'Geleeënheet gi fir eng Alarmschell ze zéien, fir ze soe passt op do riskéiere mer an eng Violatioun eran ze rutsche vum Prinzip vun der Subsidiaritéit.

Et ass och an deem Sënn, wou ech fannen, dass déi logesch Konsequenz vun deene Beméiunge fir Europa dem Bierger méi no ze bréngen, bei aller Komplexitéit vun den Texter, déi do erauskommen, als Endphas vun dësem Prozess och hei zu Lëtzebuerg soll an engem Referendum bestoen, wou de Bierger also gefrot gëtt. Nodeem de Konvent seng Propositioune gemaach huet, nodeem d'Regierungskonferenz hoffentlech sech eens ginn ass iwwer en Text, soll deen Text dann och dem Bierger virgeluecht ginn, fir dass hie sech kann domadder ausernee setzen a seng Meenung doriwwer soen.

Ech kann net ëmhin, fir hei awer och ze soe wat um Lëtzebuerger Plang geschitt ass fir de Bierger och schonn an dëser Phas mat anzebannen an dee Prozess, wat méi oder manner erfollegräich war, mä awer och ze soe wat mer vläicht verpasst hunn.

D'Commission des affaires étrangères - ech hunn d'Lescht de Kont gemaach - huet iwwer eng Dose Mol iwwert den europäesche Konvent sech ënnerhalen, ganz oft dovunner a Presenz vun der Madame Ausseminister oder jiddefalls vun hire Beamten. Mir hunn Hearingen organiséiert gehat. Mir haten dee ganzen Exercice ugefaangen - mir sinn dat eenzegt Land wat dat gemaach hat - mat engem Questionnaire, deen u sämtlech Haushalter hei am Land gaangen ass a wou mer méi wéi 10.000 Äntwerten drop krute wéi de Bierger Europa a sech selwer a säi Land an deem Europa gesäit. Wéi gesot, et deet mer nach ëmmer Leed, dass mer et zum Schluss net fäerdeg bruecht hunn, virun der Schlussphas, fir déi Diskussiounen hei an der Chamber engem gréissere Public zougängeg ze maachen, fir dass en hätt kënnen dorunner deelhuelen.

Mir hu wuel en Hearing organiséiert, mä do sinn erëm déi klassesch Vertrieder vun den Interessen am Land zu Wuert komm, eigentlech awer net de Bierger selwer, esou wéi mer am Ufank bemierkt hunn, dass en awer uspriechbar wär, well wéi gesot 10.000 Äntwerten, dat ass awer ëmmerhin net näischt. Do hu mer vläicht eng kleng Geleeënheet verpasst, mä wa mer elo dee Referendum maachen, dann hu mer vläicht eng Geleeënheet fir dat nach eng Kéier nozehuelen.

Dat Europa sollt och méi demokratesch ginn. Ech mengen d'Demokratie esou wéi mir se verstinn ass jo haaptsächlech, datt mer e bësse méi eng kloer Rollentrennung hunn tëschent deenen, déi regéieren, déi exécutéieren an tëschent deenen, déi kontrolléieren, an da bien entendu als drëtte Pouvoir déi, déi finalement als Riichter décidéieren, ob dat wat dobausse geschitt och conforme ass mat der Législatioun, mat der Constitutioun a mat all deem.

Ech menge grad just an deem Punkt huet awer dee Konvent hei e bësse méi Klorheet bruecht. Ech hu scho gesot, en huet d'Roll vum Europaparlament engersäits a vun den nationale Parlamenter anerersäits méi kloer definéiert. En huet, besonnesch wat d'Europaparlament ubelaangt, wat jo allgemeng duergestallt gëtt als de grousse Gewënner vun dësem Konvent, den Domän vun der Codécisioun, wou d'Europaparlament also ka matschwätzen, wäit gehend ausgewäit, en huet em seng Roll bestätegt bei der Nominatioun vum President vun der Kommissioun a vun der Kommissioun insgesamt.

E bezitt d'Europaparlament mat an an d'Opstelle vun engem pluriannuellen Aktiounsprogramm, deen - dat soll een och net ënnerschätzen, wann dat richteg ugepaakt gëtt - kéint den Ufank sinn, dass och an Europa a besonnesch am Europaparlament e bëssen eng Ofkéier ass vun deene punktuelle Majoritéiten, mä datt effektiv eng Kommissioun an à la limite e Conseil européen kann untriede mat engem Aktiounsprogramm, deen dann iwwer bal eng Legislaturperiod ze realiséiere wär a wou een dann och kënnt dru moossen, ob herno e Resultat do wär oder net, esou wéi dat jo an enger Demokratie eigentlech normal ass.

Ech wëll an dësem Zesummenhang och e Wuert iwwert de Legislativrot verléieren, dee jo zimlech kontroverséiert war a wou eng ganz Partie Regierungsvertrieder eigentlech net frou driwwer waren, au point datt ech mech heiansdo froen an deenen Diskussiounen, déi ech jiddefalls hat, ob et net do awer e kolossaalt Mëssverständnis gëtt.

De Legislativrot, esou wéi ech et jiddefalls verstinn a wéi ech mer et géing virstellen, datt et och an der Constitutioun eigentlech misst säin Agank fannen, seet a mengen A weider näischt wéi, datt wann de Conseil - an do ass d'Compositioun eigentlech a mengen Aen eng zweetrangeg Geschicht - a senger legislativer Funktioun, déi e jo huet an déi en och wäert an Zukunft behalen, agéiert, datt en do sech muss un déi Regelen hale vun der offener Demokratie, esou wéi mer se kennen, dat heescht, datt dat ebe just net méi kann am stillen Kämmerlein geschéien, mä datt dee Prozess muss an der Öffentlechkeet oflafen.

Eng zweet Roll, déi deem Legislativrot zougeschwat kënnt ginn a ginn ass zum Deel, dat ass déi fir dofir ze suergen, datt d'Aktioun vun der Unioun um Niveau vum Conseil och méi kohärent ass - loosse mer eis näischt virmaachen, et kënnt jo awer ëmmer erëm vir, datt d'Environnementsministeren an eng Directioun gi mat där d'Agrarministeren herno Schwieregkeeten hunn, oder ëmgekéiert -, an datt an der Aktioun vun der Europäescher Unioun méi Kontinuitéit an eng besser Koordinatioun stattfënnt. Ech si mer bewosst, datt mer hei an engem Thema sinn, dat och sécherlech op der Regierungskonferenz nach eng Kéier wäert opgegraff ginn. Dat éischt schéngt mer absolut wesentlech ze sinn, datt de Legislativrot, wann e légiféréiert, sech dann och muss un déi Prozeduren halen, déi an enger Demokratie üblech sinn.

Deen drëtte Volet ass méi effikass. Ech hu schon, mengen ech, ugedeit, datt d'Kompetenzen e bësse méi kloer definéiert gi sinn. Dräi Type vu Kompetenzen: Déi exklusiv Kompetenzen, déi partagéiert Kompetenzen an dann all déi Domäner an deenen d'Unioun Aktiounen ënnerhëlt, déi dat, wat d'Länner selwer maachen, ënnerstëtze sollen. Et ass och en Effort gemaach ginn, deen och net einfach war, mä deen awer zu enger relativ propperer Lëscht, géing ech mengen, gefouert huet, bis op zwou, dräi Ausnahmen iwwert déi verschidden Domäner vun der politischer Aktivitéit, déi ënnert déi eenzel Kategorië vu Kompetenze falen.

Et ass virun allem - an dat war eng Suerg vun deenen, wéi ech virdru gesot hunn, déi d'Ambitioun hu fir Europa weiderzebréngen - fäerdeg bruecht ginn, datt mer eng Flexibilitéitsklausel dra kruten, déi et erlaabt fir awer och op deenen Domäner, wou d'Unioun keng Kompetenz oder nëmmen eng limitéiert Kompetenz huet, agéieren ze kënnen, wann déi héier Prinzipien an déi héier Objektiver vun der Unioun a Fro gestallt sinn. Och ass d'Zuel vun deenen Domäner, wou Majoritéitsbeschléss kënne geholl ginn, ganz wäit ausgedehnt ginn. Et sinn nach knapps ëm 50 Domäner, wou d'Unanimitéit erfuerdert ass. Do si bien entendu och déi derbäi, wou mir selwer drop halen. Duerfir, mengen ech, solle mer aus der Majorité qualifiée kee Fetichismus maachen, well et gëtt fir all Land, net nëmme fir Lëtzebuerg, Domäner, wou mer der Meenung sinn, datt déi och an Zukunft sollen eng ausdrécklech Zoustëmmung kréien.

D'Initiativrecht vun der Kommissioun, dat zum Deel op wackelege Féiss stong, ass bestätegt ginn. D'Kommissioun spillt eng eminent Roll am Opstelle vun deem pluriannuellen Aktiounsplang, grad esou wéi am Kader vum Conseil affaires générales. Do huet d'Kommissioun eng wichteg Roll an der Preparatioun vun dem Conseil européen an am Suivi vun den Décisiounen ze spillen.

Da komme mer un déi ganz Problematik: Rotatioun géint/versus Effikassitéit. Do muss een, fir dat richteg ze jugéieren, vläicht probéieren e Schrëtt zréckzehuelen.

Wat war de Sënn vun der Rotatioun um Ufank vun der Unioun wéi mer zu sechs waren? Mä et war eent vun deenen Elementer, dat duergestallt huet, datt d'Unioun aus deemools sechs, haut dann ebe 15, muer 25 gläichberechtegte Membere bestanen huet, an dat huet jo och jidderengem net nëmmen all zéng Joer, mä all dräi Joer deemools e gutt Gefill ginn. Mat där Rapiditéit mat där d'Europapolitik virugeet, hat ee souguer oft d'Chance, datt een no dräi Joer déi Dossieren erëm erëmfonnt huet, déi een an der éischter Period oder an der Period virdrun net konnt ofschléissen.

Et ass e Fait, datt haut déi Rotatioun nach sécherlech e gutt Gefill gëtt während sechs Méint. Déi, déi effektiv dra musse schaffen, si béis gestresst, mä et gëtt dem Land e gutt Gefill. Ech ka soen ech hunn elo während sechs Méint déi Présidence, mä ech froe mech, ob et wierklech deem anere Symbol, deem vun der Gläichberechtegung vun de Staten, wann deen Test nëmmen all zwielef an en halleft Joer oder muer all 15 Joer ugetratt ka ginn, nach effektiv gerecht gëtt. Wa mer zréckdenken, wat alles an deene leschte 15 Joer geschitt ass, muss ech soen, dann ass do villes laanscht d'Nues vun zukünftege Présidencë gaangen, wou déi net ganz vill dozou bäizedroe gehat hätten.

Dat war also erstaunlecherweis en Diskussiounspunkt, wou herno am Domän vun der Aussen- a Sécherheetspolitik am séiersten e Konsens do war fir ze soen, do musse mer eppes maachen, do schafe mer elo en europäeschen Ausseminister, an net nëmmen dat, deen huet den „double hat“, deen ass och nach Vizepresident vun der Kommissioun a presidéiert dann och de Conseil affaires générales. Sechs Méint virum Enn vum Konvent ass dee Punkt schonn am Konvent behandelt ginn, an dat ass elo de Konsens, wat jo awer e bësse verwonnerlech ass. Duerno hu mer eis haaptsächlech konzentréiert op déi Iddi. Dee Konsens loung schonn um Dësch éier de Giscard säi Pavé gepucht huet vun dem President vum Conseil européen. Bon!

Et gëtt nach eng Rei aner Conseilen, wou vun enger méi permanenter Présidence geschwat ginn ass. Et war d'Benelux-Propositioun, datt wann net de President, dann awer e Member vun der Kommissioun soll de Conseil affaires générales presidéieren, wat ech och perséinlech eng gutt Saach fonnt hätt. Et gëtt nach wéinstens een aneren Domän, wou ech mengen, datt et och net schlecht wär wann Europa d'Méiglechkeet hätt fir méi mat enger Stëmm ze schwätzen no baussen. Dat ass dee ganze Volet ECOFIN, zumindest a senger Euro-Dimensioun. Et kann een och iwwert d'Justice rieden. Vun deene Saachen ass elo keng Rieds méi gaangen. Ech wëll awer och soen, datt se eigentlech och net ausgeschloss si fir d'Zukunft, esou datt dat och nach e Chantier ass, deen ee vläicht misst ugoen.

An dann de Conseil. Mir hunn eis vun Ufank un - dat ass ganz richteg gesot ginn – gewiert fir aus dem Conseil eng eegestänneg Institutioun ze maachen. Dat hu mer net ganz ewechkritt. De Conseil européen steet an der Oplëschtung vun den Institutiounen als separat Instanz do. Allerdéngs ass et fäerdeg bruecht ginn ze verhënneren, datt jiddefalls emol an der Constitutioun direkt, wat herno geschitt, dat muss een nach gesinn, mä datt am Konsens-Pabeier selwer ganz kloer steet, datt de Conseil européen keng Pouvoirs législatifs huet. Déi Iddi, datt e soll en eegestännege Staff, eng eegestänneg Bürokratie kréien, ass verschwonnen. Et ass au contraire ganz kloer gesot ginn, datt seng Preparatioun ze geschéien huet duerch de Conseil affaires générales, wou jo d'Kommissioun matschafft.

Et wär a mengen An eng gutt Iddi gewiescht, wann een et do fäerdeg bruecht hätt fir ze soen, datt net de President vun der Kommissioun, well dat hätt de President vun der Kommissioun op en Niveau gesat, dee par rapport zu dem President, dee mer jo awer dann elo hunn, dee méi permanent ass vum Conseil européen, wou mer en net géinge wëllen hunn. Et wär awer gutt gewiescht, wann ee vun der Kommissioun de Conseil affaires générales hätt kënnen dirigéieren an domadder d'Leedung gehat hätt vun deem ganzen Travail de préparation et de suivi vum Conseil européen.

Dat ass sécherlech dee Chantier, wou d'Conférence intergouvernementale sech nach wäert intensiv domat beschäftegen, mä wou ech awer wëll behaapten, wann och net hei déi leschte Klorheet geschafe ginn ass, jiddefalls a mengen Aen, och nach laang net dat lescht Ideal erreecht ginn ass, dann ass zumindest awer och keng Dier opgemaach ginn, déi entzwouch féiert, wou mer net géinge wëllen, an et ass och keng Dier zougemaach ginn, déi eis géing drun hënneren dohinner ze goen, wou mer gäre géinge goen.

Zu der Kommissioun. An deem Equiliber vun den Institutioune sinn effektiv d'Pouvoire vum President net geschwächt, ech géing souguer mengen se wäre gestäerkt ginn. Hien huet elo de Choix tëschent deene Kandidaten, déi hie vun de Memberstate proposéiert kritt, fir seng Kommissären auszewielen. Hien organiséiert dann och seng Kommissioun, an do si mir vläicht net esou frou, dass hien dee Pouvoir huet, no deene Regelen, déi festgeluecht gi sinn, datt niewent dem Vizepresident, deen Ausseminister ass, an deen à la majorité qualifiée vum Conseil européen désignéiert gëtt, hie finalement awer deen ass, deen dofir suergt, dass de Prinzip vun der absoluter Gläichheet an der Rotatioun vun de Memberstaten, ënner Bëuechtung vun der geographescher Dimensioun vun Europa an hire Memberstaten, déi Kommissioun, déi elo dann aus 15 Commissaires européens a 15 einfache

Kommissäre besteet, dass déi Zesummesetzung klappt.

Mä nach géing ech mengen, datt mat deenen Diskussiounen dat wesentlecht Gläichgewiicht vun den Institutiounen ënnereneen, vun deenen déi dat Intergouvernementaalt verkierperen an deenen op där anerer Säit, déi dat Gemeinsaamt, dat Europäescht, dat Communautäert verkierperen, datt dat duerch dee Konsens, deen hei fonnt ginn ass, net wesentlech gestéiert ginn ass.

Allerdéngs, wa mer vun Effikassitéit schwätzen, gëtt et zwee Domäner, wou ech mengen, datt an der Substanz effektiv net dat erreecht ginn ass, wat mer eis erwaart hunn. Dat ass ganz kloer an der Aussena Sécherheetspolitik, woubäi dat een Thema ass, wann ech nach eng Kéier däerf drop zréckkommen op dee Questionnaire, dee mer hei zu Lëtzebuerg verschéckt haten, woubäi dat wierklech ee vun deenen Domäner ass, wou déi gréisste Majoritéit hei zu Lëtzebuerg, mä dat gëllt och fir déi aner Länner, sech dofir ausgeschwat huet, datt Europa misst onbedéngt méi Fortschrëtter maachen a méi Poids kréien.

An dann dat Zweet wouriwwer ee sech och e bësse Suerge maache kann, dat ass am Domän vun der Gouvernance économique, wou de Groupe de travail net ganz vill Virschléi gemaach hat, wou och éierlech gesot herno am Konvent, ausser sech vläicht doriwwer ze bekloen do kee grousse Fortschrëtt ze verzeechne war, och eigentlech näischt wesentlech Neies op den Dësch komm ass, wat awer en Déséquilibre duerstellt.

Et gëtt ëmmer gesot d'Europäesch Unioun ass e wirtschaftleche Ris. Et ass awer och zu gläicher Zäit deen eenzege politesche Kierper vun där Gréisstenuerdnung, mat esou enger Ballung vu wirtschaftlecher Muecht, wou Der op där enger Säit eng onofhängeg Zentralbank hutt, déi also an hirer Autonomie, an dat hätte mer jo gäre gehat, e wesentlechen Deel vun deem finanzielle wirtschaftlech sozialen Equiliber steiert, an op där anerer Säit Regierungen, déi zesummesëtzen an dann ebe kucken, datt se sech koordinéieren, mat als eenzegt Instrument e Stabilitéitspakt, wat awer eng Sanktioun ass an net e positiven Ureiz fir a gewëssen Directiounen ze goen. Ech mengen, aus dem Konvent ass och kloer herno ervirgaangen, datt am Fong deen Domän vun der Gouvernance économique een ass, niewent der Aussen- a Sécherheetspolitik, wou een nach eng Kéier den Hiewel misst usetzen.

Meng Konklusioun, Här President, ech hunn et scho gesot, e Konsens ass ëmmer e Kompromëss. Dofir ass et net verwonnerlech, dass et an der Gradatioun vun der Freed oder vun der Begeeschterung, déi een iwwert dee Konvent zum Ausdrock bréngt, Ënnerscheeder gëtt. Mä ech soen et nach eng Kéier, et schéngt mir wierklech wéi wann hei keng Dier zougeschloe ginn ass, déi derwäert gewiescht wier, fir derduerch ze goen, an dass awer eng Rei interessanter opgemaach gi sinn. Mir hunn et fäerdeg bruecht, datt kee Blocage zum Ausdrock komm ass fir déi weider Entwécklung vun der Europäescher Unioun an ech mengen, d'Basis ass also do, „une bonne base", wéi de Conseil vun Thessaloniki seet, fir datt dann och d'Regierungskonferenz zu engem Erfolleg kënnt fannen.

Zum Schluss wëll ech awer nach zwou Bermierkunge maachen iwwert dat wat dat dann elo fir eis heescht, ofgesinn dovun, datt mer dat Ganzt eng Kéier musse ratifizéieren a wéi gesot an engem Referendum mat de Leit diskutéieren. Ech mengen, datt besonnesch dee Volet, deen d'Roll vun den nationale Parlamenter, och vun der Manéier wéi elo d'Aarbechtsmethode vum Conseil zu Bréissel verstane ginn, eis virun eng Erausfuerderung stellt iwwert d'Zesummespill vu Regierung a Chamber, och hei zu Lëtzebuerg.

Ech géing et och wéi meng Virriedner ausdrécklech wëlle begréissen, datt déi Zesummenaarbecht tëschent de Vertrieder vun der Regierung an de Vertrieder vun der Chamber iwwert déi 16 Méint do esou gutt geklappt huet. Dat ass wesentlech gewiescht fir déi Beiträg, déi mer awer do zu den Aarbechte vum Konvent konnte leeschten. Ech mengen och im Nachhinein, datt et richteg war, datt mir am Géigesaz zu anere Parlamenter probéiert hu fir déi verschidde politesch Parteien a Richtungen, déi hei an der Chamber vertratt sinn, mat an d'Aarbechte vum Konvent anzebezéien.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Mä wéi gesot, elo no dem Konvent, a wann déi Konstitutioun bis a Kraaft ass a wa mer zum Beispill nëmmen einfach déi Prozedure vum Subsidiaritéitsprinzip wëlle sënnvollerweis hei zu Lëtzebuerg uwenden, da musse mer eis eppes iwwerleeën iwwert déi Manéier wéi d'Chamber à même ass fir déi Aarbechten, déi an Europa geschéien, ze suivéieren. Et si gutt Usätz do. Déi Fiches d'impact, déi mer kréien, déi Zesummenaarbecht, déi mer mat verschiddene Ministeren an de Kommissiounen hunn, si sécherlech gutt Usätz dozou, mä ech menge ganz, datt mer dat awer nach musse straffen, wa mer wierklech selwer deenen Erwaardungen, déi eis Bierger an dee Konvent an duerno an déi Verfassung setzen, wëlle gerecht ginn.

Ech soen lech merci!

**M. le Président**.- Merci, Här Helminger. Den nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 13. Februar dëst Joer hate mer hei an der Chamber eng Debatt wou mer eng Zwëschebilanz, géing ech soen, gemaach hunn iwwert d'Aarbechte vum europäesche Konvent. Haut schwätze mer schonn iwwer Resultater vum Konvent, och wann an deenen nächste puer Wochen nach déi eng oder déi aner Sitzung ass, fir virun allem wat den drëtten Deel ubelaangt d'Texter nach ze verfeineren.

No 16 Méint an no dem Optrag, dee vum Conseil européen vu Laeken a vun Nice komm ass, huet de Konvent gréisstendeels seng Aarbechten ofgeschloss. Et war dëst eng interessant Etapp, mengen ech, fir alleguer déi Leit, déi d'Chance an d'Éier hate fir während deene 16 Méint derbäi ze sinn, well eben do konnt ee feststelle wéi vill Meenungen et hei an Europa gëtt, net nëmmen tëschent deenen eenzelne Länner, mä och an deenen eenzelne Länner an dat zu praktesch alle Punkten, déi ee ka behandelen.

Et war och interessant ze gesinn, datt mer net nëmmen déi Leit ronderëm den Dësch sëtzen haten, déi am Ableck Member vun der Europäescher Unioun sinn, mä och d'Bäitrëttslänner waren derbäi, an och dat war, mengen ech, e ganz interessante Volet.

Mir hate Leit um Dësch sëtzen, déi ganz pro Europa waren a mir hate selbstverständlech Euro-Skeptiker do sëtzen.

Den ADR ass déi leschte Kéier an d'Wahle gaangen an hat e Slogan fir d'Europaparlamentswahlen, dee geheescht huet: „Europa Jo, awer net esou".

Den ADR ass fir Europa a mir hunn och kloer gesot, et gëtt keng Alternativ zu Europa. Mä mir sinn als ADR géint en zentralistescht Europa. Mir wëlle keen europäesche Stat, mir wëllen en dezentraalt Europa. Mir wëllen en Europa vun den Natiounen, en Europa wat Wäerter vermëttelt. Dofir si mer och als ADR um europäeschen Niveau an d'UEN, Union pour l'Europe des Nations, agetratt, fir eis ebe mat deene Leit op deem Niveau ze concertéieren, déi eiser Meenung no och déi Wäerter an hirem Sigel droen.

De Konvent selwer, dee wéi gesot den 13. Juni säin Ofschloss fonnt huet, ass e Kompromëss. Keen ass zefridden, kann ee soen, an all hu se an d'Hänn geklappt. Et soll dat anscheinend d'Zeeche vum Konsens sinn.

Den Text, dee véier Partien oder Chapitren opweist, an deen an deenen nächste Wochen nach wäert a sengem leschten Detail gefestegt ginn, ass en Text, deen eis als ADR zefridde stellt, och wann nach Verschiddenes kënnt verbessert ginn. Et ass och kloer, datt an esou engem Text net all Detailer kënne festgehale ginn.

Hate mer bis elo en Europa wat a priori eng Wirtschaftsunioun ass, esou gëtt dësen Text elo en Europa vun de Bierger a vun de Staten, en Europa wat Wäerter aus eiser Siicht vermëttelt. Virun allem am éischten Deel sinn dës Wäerter festgehalen.

Am Artikel 1.2: Les valeurs de l'Union, Respekt virun der Dignitéit, vun der Fräiheet, vun der Demokratie, vun der Gläichheet, vun der Gläichheet tëschent de Staten an dem Respekt virun de Mënscherechter.

An den Objektiver vun der Unioun fanne mer Wäerter wéi « promouvoir la paix, espace de liberté, de sécurité, de justice, développement durable fondé, économie sociale visant le plein emploi et le progrès social, qualité de l'environnement, non-exclusion sociale, non-discrimination, justice et protection sociale, égalité entre femmes et hommes, solidarité entre générations, protection des droits des enfants, diversité culturelle et linguistique » an esou weider. Et sinn also alles Wäerter, déi ee ka mat zwou Hänn ënnerschreiwen a virun allem och dat eent wat d'Diversitéit vun de Kulturen, vun de Sproochen ubelaangt, menge mer, datt d'Stäerkt vun Europa net am Uniformiséiere vun de Kulture läit, mä datt d'Stäerkt vun Europa an der Diversitéit vun deene verschiddene Kulture läit.

Op dës Wäerter, déi an dësen Texter stinn, an déi och gréisstendeels an eise Programmer vum ADR stinn, kënne mir also opbauen an eis Zefriddenheet zum Ausdrock bréngen.

Den Artikel 1.5 seet: D'Unioun respektéiert „l'unité nationale de ses Etats membres, les structures fondamentales et constitutionnelles". Den ADR war vun Ufank u géint e federale Stat an am éischten Text, dee virlouch, war am Fong och de federale Stat niddergeschriwwe ginn an duerno, nodeem vill Interventiounen am Konvent waren, ass d'Terminologie vun dem federale Stat erëm aus den Texter erausgeholl ginn. Dat war fir ons enorm wichteg, well wéi gesot mir si géint en zentralistescht Europa, wat dat eiser Meenung no zum Ausdrock bréngt. Mir wëlle keen Europa, wou zu Bréissel décidéiert gëtt wat d'Länner maachen dierfen, mä mir wëllen en Europa wou d'Länner décidéiere wat se wëllen un Europa ofginn, wat do ka besser gemaach ginn.

D'Citoyennetéit vun der Unioun, do bestung elo schonn, datt all Bierger, deen d'Nationalitéit vun engem Memberstat huet, automatesch och d'Citoyennetéit vun der Unioun huet. Den Text preziséiert awer elo, datt d'Citoyennetéit sech der nationaler Citoyennetéit uschléisst a se net ersetzt. An deem Kapitel gëtt och iwwert d'Wahlrecht vun den europäesche Wahlen a vun de Gemengewahle gläich Rechter a gläich Flichten agefouert, dat heescht an anere Wierder, wa mir als Lëtzebuerger Parlament higinn a mir stëmmen dësem Traité zou, da bedeit dat och, datt mer eis national Législatioun iwwert d'Gemengewahle mussen erëm ofänneren, wou mir jo Iwwergangskritäre fir d'EU-Bierger agesat hunn, fir kënnen dat aktiivt an dat passiivt Wahlrecht, respektiv fir d'Schäfferéit ze kréien. Mat dësem Text géifen déi Bestëmmungen dann ewechfalen, well hei keng Ausnahmeregelunge méi an dësem Text virgesi sinn.

Iwwert d'Kompetenzen ass de Prinzip vun den Attributioune vun der Subsidiaritéit an der Proportionalitéit festgehale ginn, an de Prinzip ass am Fong: D'Unioun agéiert nëmmen do, wou se Kompetenze vun den nationale State kritt huet. Kompetenzen, déi net am Text opgefouert sinn, bleiwen d'office national Kompetenzen. Um europäesche Plang ginn d'Kompetenzen opgedeelt an exklusiv an a gedeelte Kompetenzen. Am Prinzip ginn och an dësem Text keng nei Kompetenzen no Europa, mat der Ausnahm vun der Aussen- a Sécherheetspolitik, wou mir selbstverständlech kënnen dermat averstane sinn.

Et ass awer do eng Bréck an den Text agebaut ginn, dass wann de Conseil an der Unanimitéit décidéiert fir eng aner Majoritéit anzeféieren a souwuel d'Europaparlament wéi d'national Parlament an engem bestëmmten Zäitraum am Viraus doriwwer informéiert, da kann de Conseil wéi gesot unanime décidéiere fir och an deene Kompetenzen eng aner Majoritéit ze kréien. Dat ass gemaach ginn, fir wann eng Kéier d'Zäiten änneren an aner Majoritéite méiglech wieren, fir datt een dann den Text als solchen net bräicht ze änneren, an datt een dofir am Fong eng Bréck an den Text agebaut huet, fir dat mat dësem Text da kënnen ze erméiglechen.

Den Equiliber tëschent deenen dräi Institutiounen, der Kommissioun, dem Conseil, an dem Parlament, ass eiser Meenung no an de grousse Linne gehale ginn, an et ass virun allem wichteg, datt keng nei Institutioun, virun allem de Congrès des peuples, dee vum President ëmmer an d'Diskussioun bruecht ginn ass, zréckbehale ginn ass. Do war déi ganz grouss Majoritéit vun de Memberen ëmmer dogéint.

Dat europäescht Parlament kritt méi Pouvoiren. Et kritt legislativ Kontrollen, et wielt de Kommissiounspresident a kritt och d'Motion de censure, fir datt d'Kommission misst kollektiv demissionéieren. D'Zuel ass festgeluecht ginn - et ass och vu menge Virriedner schonn hei ugeschwat ginn - wéi dat zukünftegt Europaparlament sech zesummesetzt, e Minimum vu véier an e Maximum vu 736 Memberen. Et ass doranner festgehale ginn, datt rechtzäiteg virun den nächste Wahle vun 2009 d'Europaparlament eng Propositioun dem Conseil muss maachen, deen dann eestëmmeg muss driwwer befannen iwwer eng eventuell nei oder doudsécher nei Zesummesetzung vun dem europäesche Parlament.

A well mer eben och am Conseil do eng Unanimitéit hunn, hu mer quasi do awer e Vetorecht, an et ass dofir duerchaus méiglech, datt mer misste kënne bei eise sechs Delegéierten am Europaparlament bleiwen. Mir sinn op jidde Fall der Meenung, datt d'Regierung, egal wat fir eng Regierung deen Ableck um Pouvoir ass, net kann eng Zoustëmmung ginn, wou Lëtzebuerg géif ënnert déi sechs Mandater an dem Europaparlament falen.

***(Interruption)***

Et muss keen der véier kréien, Här Juncker.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Da schreift sechs dohinner.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Jo, mä Malta huet der zum Beispill fënnef elo.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Voilà.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Voilà, also kënne mer net sechs schreiwen, soss hätte mer deenen ee bäi ginn.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Jo.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Jo, voilà, esou einfach.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- An een, deen der sechs huet, huet der séier véier!

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Mä esou wéi mer lech kennen, Här Juncker, an Dir wëllt jo Statsminister bleiwen hei zu Lëtzebuerg, kënnt ech mer virstellen, datt Dir doudsécher vum Vetorecht Gebrauch maacht, wann ee géif op de Gedanke komme fir Lëtzebuerg keng sechs méi an Zukunft zouzegestoen.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Ech si frou, datt Dir lech wëllt op sécherem Buedem bewegen.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Ech kommen nach dorobber zréck. En ass méi glëtscheg!

D'Zesummesetzung vum Conseil européen, dat ass vun de Presidente vun deenen eenzelne Staten, dem President vun der Kommissioun an dem Ausseminister, an de President gëtt fir zwee an en halleft Joer gewielt, an et ass eemol erneierbar. De President ka keen nationaalt Mandat ausüben, dat schéngt deem engem oder aneren e Problem ze maachen, mä dat ass awer wahrscheinlech schonn eng gutt Funktioun, wann ee weess, datt een do e Mandat vun zwee an engem hallwe Joer kritt, datt een da scho muss eng Persoun kréien, déi dat och haaptamtlech mécht an net niewenamtlech mécht, soss gi mer, mengen ech, deem Posten och net déi néideg Unerkennung, déi em zoukënnt.

D'Kommissioun, do brauch ech och net méi weider drop anzegoen, ass vu menge Virriedner an allen Detailer hei erkläert ginn: de Prinzip, datt all Land och an Zukunft an der Kommissioun vertratt ass, datt mer zwou Zorte vu Kommissäre kréien, déi eng, déi wahlberechtegt sinn, an déi aner net, an datt eng Rotatioun do ass, déi am Prinzip all Land gläich behandelt. Ech menge mat deene Prinzipie kann ee liewen.

An dem Artikel 1.42 gëtt iwwer eng Clause solidarité geschwat, déi eiser Meenung no och virun allem engem klenge Land wéi eis eppes bréngt, wou op Ufro e Land muss vun deenen anere Länner Ënnerstëtzung kréien, dat bei Naturkatastrophen oder Menaces terroristes. Ech mengen do hu mir als Lëtzebuerg och en Intérêt drun, datt esou eng Solidaritéitsklausel an den Text hei festgeschriwwe ginn ass.

Genausou gutt, wat mir positiv fannen, dat ass déi Démocratie participative, Volleksinititiativ, wou eng Millioun Bierger aus de Memberstate kënnen d'Kommissioun opfuerderen en Acte juridique auszeschaffen an enger bestëmmter Matière. Och dat ass, well mer wëllen Europa de Bierger méi no bréngen a well mer wëlle soen, datt d'Leit solle méi an d'europäesch Politik mat agesat ginn, dann ass dat heite virun allem eng wichteg Moossnam wou dann och d'Bierger emol kënnen op esou eng Initiativ zréckgräifen, an déi eng oder an déi aner Richtung.

Et kënnt méi Transparenz duerch déi Texter hei eran, d'Europaparlament tagt öffentlech, dat war bis

elo nach ëmmer esou, mä nei ass: De Conseil, well e legislativ Texter délibéréiert an adoptéiert, muss dann och an Zukunft aus der Dunkelkammer, wou e bis elo dra war, erauskommen a muss öffentlech légiféréieren.

Da kann och ee Land aus der Europäescher Unioun zrécktrieden, et kann eng Demande maachen, et gëtt iwwer zwee Joer négociéiert fir d'Modalitéite festzehalen ënnert deenen et aus der Europäescher Unioun erauskënnt, an d'Modalitéite gi festgehale wéi d'zesumme Fonctionnéieren tëschent deem Land an der Europäescher Unioun nom Austrëtt soll ausgesinn.

Wichteg ass och am zweeten Deel, datt d'Droits fondamentaux vun der Unioun, d'Grondrechter wou ganz villes dra steet, an de Kolleeg Fayot huet dat de Mëtten hei nach eng Kéier gesot, et soll een dat emol nach eng Kéier noliesen, wou och d'Termen, d'Detailer dra sinn, wou mir hei zu Lëtzebuerg a verschiddene Gesetzgebungen elo, wa mer dat heiten unhuelen, ech denken do ënner anerem och un d'Streikrecht, mussen ëmdenken, well an der Grondrechtcharta do och Bestëmmunge sinn.

D'Roll vun den nationale Parlamenter gëtt opgewäert. Dat ass fir ons enorm wichteg. Wéi war et bis elo? D'national Parlamenter hunn d'Informatiounen iwwert d'Regierunge kritt. Bei deenen enge Länner huet dat besser, bei deenen aneren net esou gutt geklappt, dat huet een do gemierkt. Hei am Land hu mir ëmmer dann, wann d'Parlament gären Informatioune gehat hätt, se vun de Regierunge kritt, mä et ass alles iwwert d'Regierung gaangen.

Nei gëtt elo, datt am Fong geholl net méi déi Déviatioun iwwert d'Regierung geschitt, mä datt d'national Parlamenter direkt vun der Kommissioun hir Dokumenter kréien am Kader vum Subsidiaritéitsprinzip, wou jo eng Prozedur festgehale ginn ass mam System vun der Alerte précoce, datt déi national Parlamenter éischtens emol de Joresprogramm vun der Kommissioun Ufanks vum Joer zougestallt kréien an dann an de Parlamenter eng Debatt wäert stattfannen iwwert de Programm. Duerno mussen all d'Propositiounen de Parlamenter direkt zougestallt ginn.

Déi hunn da sechs Wochen Zäit, fir wa se mengen am Kader vun der Subsidiaritéit missten ze reagéieren, dat dann ze maachen, a wann een Drëttel vun de Memberstate bei der Kommissioun intervenéiert, datt se mengt et wär net am Kader vun der Subsidiaritéit oder deelweis, dann ass d'Kommissioun invitéiert déi Texter ze iwwerschaffen. Se ka se awer och bäibehalen a se ka se selbstverständlech och zréckzéien. Zum Schluss kënnen d'Parlamenter dann, wa se mengen se hätte keng Satisfaktioun kritt, beim europäesche Geriichtshaff iwwert de Wee vun der Regierung Recours huelen.

All Informatiounen, déi no enger Reklamatioun vun engem nationale Parlament bei der Kommissioun aginn, mussen dem zoustännege Parlament ëmmer direkt zougestallt ginn - mir verspriechen eis vun dëser Iddi ganz villes -, wat selbstverständlech bedeit, datt déi national Parlamenter sech och mussen en mesure setze fir där Aufgab an Zukunft gerecht ze ginn. Dat bedeit, datt mer Strukturen an Infrastrukturen, virun allem wat d'Personal ubelaangt, musse schafen, wou mer kënnen an dem Parlament an an de Fraktiounen déi europapolitesch Theme méi behandelen, an doduerch datt mer se am Parlament diskutéieren, wäerte mer se och dem Bierger méi no bréngen. Et ka sinn, datt d'Chambres professionnelles sech da vläicht och zu esou Texter wäerten äußeren, esou datt mer dann och d'Société civile méi kënnen abannen.

Mir wëssen, datt eise Statsminister am Benelux-Pabeier net ganz frou iwwert déi Iddi do war. De Benelux-Pabeier hat dat jo dann och net zréckbehalen, awer eis Chamber huet den 13. Februar eestëmmeg eng Motioun vum ADR ugeholl, fir datt déi Iddi vun dem System vun der Alerte précoce sollt zréckbehale ginn. Et ass net opgrond vun där Motioun, wou dat dunn an den Text erakomm ass, mä well déi ganz grouss Majoritéit vun de Memberen am Konvent fir déi direkt Participatioun vun de Parlamenter war.

Wéi gesot, et ass fir eis e ganz wichtegen Deel, datt d'Parlamenter elo déi Méiglechkeet kréien. Eiser Meenung no entsteet esou eng nei Dynamik tëschent de Länner, well ech ka mir virstellen, datt Parlamenter, déi der Iwwerzeegung sinn, datt d'Texter net dem Subsidiaritéitsprinzip entspriechen, e Recours wäerte maachen a bei deenen anere Parlamenter wäerten intervenéiere fir Alliéierter ze fannen, déi sech och där Iddi uschléisse fir esou e Maximum u Parlamenter ze kréien, déi dann Oppositioun maachen. Esou entsteet eng nei Dynamik, sief dat tëschent de Parlamenter, sief dat eventuell am COSAC, deen elo soll e Sekretariat kréien, deen déi Roll wäert iwwerhuele fir den Austausch tëschent de Parlamenter ze organiséieren.

Mir mussen op jidde Fall eis bewosst sinn, datt do eng nei Dynamik entsteet, an datt mir als Parlament eis mussen och méi doran aschaffen, wat sécherlech politesch vläicht net esou direkt interessant ass, mä et awer enorm wichteg ass, datt mer eis mat der breeder Öffentlechkeet hei am Land méi iwwer europäesch Froen ausernaner setzen, well op deem Niveau ganz vill an ëmmer méi Décisioune geholl ginn, déi e Réckschlag op d'national Politik kréien. Op dem Wee, wou mer wëllen d'Bierger méi un der europäescher Politik interesséieren, fält dann och eis Fuerderung vum Referendum.

Wa mer den Artikel 1.1 kucke vum Text vum Traité vun der Constitutioun, dee geet u mat „…inspiré par la volonté des citoyens…", a wann een dat wëllt maachen, da muss een och d'Bierger froen. Mir hunn dofir an der Debatt vum 13. Februar eng Motioun erabruecht, wou mer e Referendum verlaangt hunn, e Référendum décisionnel stoung an eisem Text. Zu deem Zäitpunkt waren awer all aner Fraktiounen der Meenung et kéint ee kee Référendum décisionnel iwwer esou en Traité organiséieren. An der Zwëschenzäit si mer awer frou, dass fir d'éischt déi sozialistesch Kolleege sech op hirem Kongress och fir e Referendum ausgeschwat hunn an den Här Helminger duerno eng Ausso gemaach huet. Kuerzfristeg huet och d'Regierung décidéiert dëse Projet engem Referendum ze ënnerwerfen.

D'Fro ass gestallt, och an der Motioun, déi mer haut hei deponéiert kritt hunn: Wat fir eng Form vu Referendum? Den Här Fayot huet dat a senger Propositioun haut opstoe gelooss. Hie schwätzt just vun engem Referendum, net méi vun décisionnel oder consultatif, mä mir wëssen awer, datt eis Kommissioun vun den Institutiounen an der Chamber net méi spéit wéi de 25. Juni am Kader vun der Reform vun der Constitutioun eng Décisioun geholl huet, wou gesot gëtt, datt e Referendum iwwert d'Constitutioun nëmme kéint en décisivë Referendum sinn.

A mir schwätze jo hei vun enger Constitutioun, déi zum Deel souguer iwwer onser Constitutioun steet, esou datt et fir eis kloer ass, datt de Referendum iwwert dësen Traité nëmme kann e Référendum décisionnel sinn, an dann ass et am Fong dat, wat mer den 13. Februar hei als ADR an der Chamber gefrot hunn, wou mer leider deemools nëmme siwe Stëmme kritt hunn. D'Zäit bréngt natierlech ganz dacks Positives mat sech, a wa mer haut vläicht kënnten hei eng Décisioun huelen, déi eestëmmeg dat verlaangt, da si mer doriwwer net rosen, mä sinn driwwer frou, datt mer als Parlament esou eestëmmeg eng Décisioun geholl hunn.

Wichteg ass op jidde Fall, datt mer mat de Leit driwwer schwätzen, well wa mer net mat de Leit iwwer e Referendum schwätzen, da stellen d'Leit sech jo net d'Fro, mä wa mer d'Leit virun d'Entscheedung stelle fir iwwer eppes ze décidéieren, da mussen se sech och mam Inhalt befaassen, iwwer wat se ofstëmmen, an domadder brénge mer dann och déi Texter, déi positiv wéi déi negativ, de Leit méi no an domat och déi ganz europäesch Problematik.

Et kann een also als Konklusioun soen, datt mer als ADR zefridde si mat deenen Texter, sécherlech net zu 100% zefridden, mä ech géif och soen, datt et fir eng Partei, déi sech méi kritesch mat Europa auserneaner setzt, déi méi géint en zentralistescht Europa ass, déi géint en europäesche Stat ass, méi liicht ass dësem Text zouzestëmme wéi vläicht Leit, déi méi pro Europa agestallt sinn. Dat ass vläicht eng Differenz. Ech ka mer net virstellen, datt den Här Juncker, dee sech jo relativ kritesch mat deem Text hei ausernaner gesat huet, an ech denken och do zréck un de Spiegel-Artikel, de Lëtzebuerger wäert recommandéieren dësen Text net ze stëmmen. Ech ka mir virstellen, datt hie sech nach bis dohinner iwwerwonne kritt an de Leit recommandéiert dësen Text trotz allem ze stëmmen.

Déi grouss Linne stëmmen an entspriechen eise Virstellungen. Et ass keen europäesche Stat, et ass kee Federalstat, et ass eng Unioun vu Staten am Respekt vun de Kulturen, de Sproochen, der Eegestännegkeet vun deenen eenzelne Länner, en Europa, wat net eleng op ekonomesch Wäerter an Iwwerleeunge méi opbaut, mä och Wäerter vermëttelt. Et gëtt keng nei Kompetenzen an Europa. Et gëtt en Iwwerwaachungsmechanismus, wat de Subsidiaritéitsprinzip ubelaangt, agefouert. Et gëtt méi en transparent Europa, wou d'Biergerinitiativ méiglech gëtt, en Europa aus deem e Stat och erëm kann austrieden.

Dësen Text, wéi gesot, stellt eis zefridden, well en an déi richteg Richtung geet. Et ass eng Verbesserung an eisem Sënn. Et ass e Kompromiss, deen e Ganzt duerstellt. Et ass och dofir en Text, wou mer der Meenung sinn, an dat war och um Konvent zum Schluss festgehale ginn, dass am Fong keng Optioune solle festgehale ginn, mä dass e wierklech als fest Basis soll dénge fir wann d'Regierungskonferenz doriwwer wäert befannen. Et ass och dat, mengen ech, wat an der Motioun, déi haut de Mëtteg vun alle Fraktiounen ënnerschriwwe ginn ass, zum Ausdrock kënnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun deene ganzen Diskussiounen, déi mer hei gefouert hunn, hei Heem an am Ausland, gouf eise Statsminister all zwee Deeg vun engem Journalist gefrot, ob hien dann elo eng Funktioun op europäeschem Niveau wëllt kréien oder ob hie wëllt zu Lëtzebuerg Statsminister bleiwen. An den Här Juncker huet dankend déi Froen ëmmer entgéint geholl a geäntwert, a fir d'lescht hunn ech e gëschter Moie mat heesser Stëmm um hallwer aacht um Radio héiere soen: „Wann d'Lëtzebuerger mech d'nächst Joer den 13. Juni als Statsminister erëm wielen, da bleiwen ech fënnef Joer Statsminister". An anere Wierder, wa se mech net erëm wielen, da ginn ech.

***(Hilarité)***

Dat ass d'Lëtzebuerger, géif ech soen, als Geisel geholl. Dat heescht: Entweder Dir wëllt mech oder Dir wëllt mech net.

***(Brouhaha général)***

Ech bleiwen oder ech ginn!

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Wat ass dat e Misär mat där Demokratie do!

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Mir haten dat schonn. Ech ka mech do erënneren. Den Här Goebbels hat d'Wieler vun der Stad Lëtzebuerg virun d'Alternativ gesat: Buergermeeschter oder näischt.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- A wéi ass et da gaangen?

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- An dunn hunn d'Wieler décidéiert: näischt.

Mir haten duerno den Här Ady Jung, deen huet zu Esch gesot zu de Bierger: Buergermeeschter oder näischt. A wéi ass et gaangen? Déi Escher hu gewielt: näischt. Elo hu mer e Statsminister, dee seet zu de Bierger: Statsminister oder näischt. A mir loossen eis iwwerraschen.

***(Interruptions diverses)***

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Et ass net grad näischt!

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Mir loossen eis iwwerrasche wat d'Lëtzebuerger décidéieren. Ech ka mer virstellen, an dat héiert een och elo esou am Land doruechter, datt dat de Leit esou lues op d'Nerve geet,…

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Dat gleewen ech allerdéngs.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- …datt de Statsminister all zwee Deeg e Journalist fënnt, deen him déi Fro stellt, fir datt hien dat kann äntwerten.

Ech mengen éischter den Här Juncker, Här President, weess eppes an zwar, datt hie keng vun deenen dräi Haaptfunktiounen an Europa kritt. Hie gëtt weder Kommissiounspresident, nach Conseilspresident, nach Ausseminister. A well hien dat weess, dofir kann hien och soen ech bleiwe bis 2009 Statsminister, wann Der mech erëm wielt. An dofir kann een och de Lëtzebuerger soen, och wann Der en net wielt, e geet net fort, well säi Schicksal ass net wat fir e Posten, dass hie kritt, säi Schicksal ass, dass hie kee Poste vun deenen dräi kritt.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Oh freck jo!

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Merci.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Elo sinn ech erléist.

**M. le Président**.- Merci, Här Gibéryen.

Déi nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener. Madame Wagener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen neien europäesche Verfassungsvertrag ass ausgehandelt ginn an Zäit vu 16 Méint vu Vertriederinnen a Vertrieder aus 28 Natiounen. Dat u sech ass vläicht dee gréisste Mérite vum europäesche Konvent, woumat d'Unioun scho virun hirer Erweideréung eng nei Dimensioun erreecht huet.

Ob et awer, an do wëll ech Titele vun diversen Zeitungsartikelen zitéieren, „ein europäisches Philadelphia, ein Erfolg ohne Beispiel oder einer der glücklichsten Tage für Europa war", den 13. Juni, wéi Verschiddener et nennen, do si mir Gréng éischter skeptesch. Mir schléissen eis éischter deenen un, déi sech d'Fro stellen, ob hei net amplaz vun engem gudde Kompréss éischter e faule Kompréss zu Stane komm ass, woumat een dann och gesäit, datt een - fir op dem Här Juncker seng ufänglech Boutaden unzespillen, wéi ee se konnt zum Beispill am Spiegel-Interview noliesen - kann opgrond vu ganz ënnerschiddlechen Ausgankspositiounen zur selwechter Konklusioun kommen, well mir sinn net der Meenung vum Här Juncker gewiescht, mir woren un a fir sech am Ënnerscheed zu him frou iwwert d'Asetzung vun engem Konvent, well et wéinstens an Usätz méi eng demokratesch Entschlossfindung erméiglecht huet.

A wann net d'Regierungschefen eis e Konventspresident dohinner gesat hätten, deen dësem Usproch leider net gerecht ginn ass, da wier deen Text, deen haut virläit, vläicht méi ausgeräift a méi équilibréiert a méi no un de Besoinë vun der europäescher Bevölkerung wéi en haut ass a wéi en Text vun der Regierungskonferenz et jee hätt kënne sinn.

Well deen Text, dee vum Presidium zum Schluss virgeschloe ginn ass, wor net méi den Ausdrock vun der Method vum Konsens, esou wéi e während Méint am Konvent praktizéiert ginn ass, mä ebe grad vun engem Réckfall an déi sou genannte Regierungsmethod, nämlech dem Kouhandel. E gutt Beispill ass d'Verankerung vun der Grondrechtecharta an der europäescher Verfassung, wat jo ganz positiv ass, mä wou d'Engländer méintelaang dofir gestridden hunn, datt niewent der Charta och missten déi Kommentaren, déi viru Jore mat ausgeschafft gi waren, mat an déi nei Verfassung erakommen. An obwuel dës Iddi juristesch eigentlech ganz wéineg Sënn mécht an obwuel déi ganz grouss Majoritéit am Konvent dergéint war, also iwwerhaapt kee Konsens op deem Punkt do war, huet de Presidium et awer ganz um Schluss, nämlech een Dag virum Enn an den Text erageholl an domat huet Groussbritannien da seng Extrawurscht kritt. Ee Beispill also fir d'Regierungsmethod an déi de Konvent zum Schluss era gerutscht ass.

D'Begeeschterungsstierm vum 13. Juni baséieren dofir vläicht och éischter op der Erliichterung, datt iwwerhaapt nach en Text zu Stane koum wéi op der inhaltlecher Qualitéit vum Resultat. An ech denken, datt eng ganz Rei vu Conventionellen an deem Dilemma dra sinn, dee vun engem EVP-Europa-Deputéierten esou beschriwwe ginn ass: „In der Öffentlichkeit würde ich den Konvent in den höchsten Tönen loben und alles dafür tun, dass bei der Regierungskonferenz so wenig wie möglich Divergenzen auftreten, doch im inneren Absatz der Öffentlichkeit hoffe ich, dass einige Sachen geändert werden können."

Här President, dann e puer Wierder och zum Oflaf vun dësem Konvent. Ech denken, datt ee vun den Haaptfeeler eigentlech op zwee Niveauë louch. Dat eent wor deen, datt do d'ONGen an d'Zivilgesellschaft awer trotz enger Rei vun Efforten a Bestriewunge schlussendlech wéineg mat abezu gi sinn an deen Entscheedunsprozess. Dat anert ass, datt verschidden Aarbechtsgruppen, zum Beispill dee ganz wichtegen Aarbechtsgrupp vum sozialen Europa, eréischt spéit agesat gi sinn, an datt also eng Rei vu wichtegen Themen elo schlecht an deem Text, deen eis virläit, ofgedeckt sinn. Den Aarbechtstrupp vum sozialen Europa war een, dee ganz gutt geschafft huet, mä deem seng gutt Iddië leider net all erëmgeholl gi sinn an dat ass leider e Phenomeen gewiescht mat deem mer am Konvent öfters ze kämpfen haten, datt d'Aarbechtsgruppen hir Aarbecht gemaach hunn, mä datt de Presidium herno awer gemaach huet wéi e wollt.

Mir hunn als Gréng de Gros vun eisen Asätz dorop verwennt fir grad déi Theme besser berücksichtegt ze kréien, mat méi oder manner

groussem Succès. Zwar gouf an deene leschte Woche vum Konvent intensiv geschafft, mä et gouf haaptsächlech iwwer institutionell Froen diskutéiert an et kann ee bal soe gefeilscht, während déi inhaltlech Aspekter äußerst kuerz komm sinn. Op dës inhaltlech Aspekter wëllt ech dann och méi verdéift agoen.

En éischten Thema ass d'Fraen- an d'Gläichstellungspolitik. Op Drock vu villen, haaptsächlech weibleche Konventionellen, sinn zwar eng Rei vu Verbesserungen an den Text komm, deen am Ufank wierklech net a Richtung vun där dote Fro ausgeriicht wor. Elo hu mer zwar eng Situatioun, datt eng Rei vu Verbesserungen do sinn. Zum Beispill steet d'Gläichheet tëschent Fraen a Männer elo bei den Objektiver vun der Unioun. Bei de Valeuren ass d'Egalitéit opgezielt, mä et gëtt net explizit gesot, datt et sech notamment do och ëm d'Gläichheet tëschent Fraen a Männer handelt. Elo kann ee soen, dat sinn Hoerspléckereien. Et ass awer guer net kloer wat dat herno an der Rechtspraxis wäert bedeiten a wéi dat sech herno wäert op den europäesche Gesetzgebungsprozess nidderschloen.

D'Anti-Diskriminéierungspolitik ass net méi bei den Objektiver dobäi. D'Egalitéitspolitik steet net bei de Compétences partagées. En Amendement iwwert d'Violence géint d'Fraen, fir dee schonn zënter Méint gestridde gëtt, ass nach ëmmer net duerch.

En Thema wou et méi positiv gaangen ass, mä wou och vill huet misse gekämpft ginn, ass d'Lutte géint d'Traite des êtres humains. Do ass elo endlech no x Interventiounen e Saz am Deel 3 bäikomm iwwert deen also e Freideg dann nach eng Kéier diskutéiert gëtt.

Eng weider positiv Neierung ass, den Här Giscard d'Estaing huet eis versprach, datt deen neien Text wäert an enger geschlechtsneutraler Sprooch verfaasst ginn. Dat ass vläicht dann och e gutt Beispill fir d'Lëtzebuerger Regierung, déi sech nach ëmmer schwéier deet fir hir Gesetzestexter an enger neutraler Sprooch ze verfaassen.

En anere Sujet, d'Sozialpolitik. Och do muss éiweg gekämpft ginn, fir datt ganz kleng Fortschrëtter kommen. Zum Beispill ass de Problem, datt mer elo am Text stoen hunn, den Usproch op „un niveau d'emploi élevé". D'Sozialpartner hätten awer gär gehat, datt hei de plein emploi géif ageschriwwe ginn. D'Konditioune vum Emploi vun de Leit, déi aus den Drëttlänner kommen, bleiwen eng national Kompetenz. Dat si just zwee Punkte fir lech ze weisen, datt nach laang net alles zum Beschten an deem Text ass.

D'Services d'intérêt général, do ass bei den Objektiver vun der Unioun keng explizit Mentioun gemaach ginn, et ass elo nach eng Kéier bei den Amendementer insistéiert ginn, an doropshin huet de Präsidium dann endlech eng legal Basis och an den Text gesat, allerdéngs an en drëtten Deel. Ech huelen un, datt dat fir vill Leit heibannen elo e bësse chinesesch ass, déi Saache vun deenen ech schwätzen, den éischten Deel, den drëtten Deel, mä dat huet awer herno wahrscheinlech eng ganz Rei vu Konsequenzen, deenen ee sech leider net ëmmer bewosst ass.

De Punkt vun der Kooperatioun mat der Drëtter Welt. Hei sinn eng Rei vu Propositioune gemaach gi fir en Text ze iwwerschaffen, deen och am Ufank ganz schwaach war. Do si verschidde Punkten ugeholl ginn, mä och hei geet den Text den ONGen net wäit genuch.

Den Thema vun der Antidiskriminéierung, deen haaptsächlech och behënnert Leit betrëfft, mä awer och aner Gruppe vun der Bevölkerung, ass zwar am Text ageschriwwe ginn, mä de Problem ass awer, dass hei och erëm eng Kéier d'Unanimitéit festgehale ginn ass fir Mesuren an där Richtung ze huelen. An Dir wësst datt, wann d'Unanimitéit muss bestoen, grad an engem Europa wat erweidert ass, dass et da quasi wäert onméiglech sinn eng voluntaristesch Politik an deem Beräich ze maachen. Ech hoffe ganz staark, well do eng ganz Rei vun Amendementer komm sinn, dass do eventuell nach e Freiden eppes ze maachen ass.

De Problem vun der Relioun a vun de Kierchen, och hei hu mer missen eng ganz déck Mouk schlécken, well elo am Préambule vum Text op déi reliéis Wäerter verwise gëtt, an d'Saach ass och nach net ausgestanen. Hei ginn et haaptsächlech vun der Säit vun den osteuropäesche Regierungen ëmmer nach Versich fir déi reliéis Wäerter do op chrëschtlech Wäerter ze reduzéieren.

Partizipatoresch Forme vun der Demokratie sinn an den Text ageschriwwe ginn, och nees op Drock vun den ONGen, mä och hei ass erëm eng Kéier e ganz onprezisen Text zu Stane komm, an op där anerer Säit ass den Accès zur Justiz vun der Zivilgesellschaft a vun den ONGen net ageschriwwe ginn.

An dann, Här President, en Thema wat deene Gréngen natierlech ganz besonnesch uewe läit, d'Ëmweltpolitik, an ech wéilt do haaptsächlech den Thema EURATOM eraushiewen. Et ass virdrun och scho vum Här Fayot op déi ganz Problematik higewise ginn. Dir wësst, dass den Traité EURATOM energiepolitesch méi wéi obsolet ass, well en 1957 an engem Geescht vu blanner Begeeschterung fir d'Atomkraaft ausgeschafft ginn ass an zënterhier ni ëmgeschriwwe gouf, a well en eng Rei vun ondemokrateschen Dispositiounen enthält.

Trotz ville Beméiungen, an ech géif wierklech mengen, dass duerch d'Bank am Konvent eng ganz Rei vu Leit sech do agesat hunn, hate mer bis elo kee Succès. Mir haten, a mat mir mengen ech net nëmmen déi Gréng, mä eng ganz Rei vu konventionellen, vun deenen, an dat huet mech ganz staark gefreet, och d'Unanimitéit vun de Lëtzebuerger Konventionellen, proposéiert, just nach déi Deeler iwwert de Gesondheetsschutz an iwwert d'Sécherheet bestoen ze loossen an doriwwer eraus am Protokoll EURATOM eng sunset clause anzeschreiwen, fir datt den Traité géif 2007 auslafen an also d'office misst iwwerschafft ginn.

Et ass eent vun de Beispiller wou trotz villen Diskussiounen, Interventiounen, Amendementer, de Präsidium iwwert déi Virschléi ewechgaangen ass, an, Här President, all Hoffnungen an deem dote Punkt leien elo bei der Regierungskonferenz. An dofir wéilt ech och un eis Regierungsvertrieder appeléieren fir dëse Punkt vun der Revisioun vun EURATOM op dat heftegst bei der Regierungskonferenz ze verteidegen. Ech hunn och an deem Sënn eng Motioun preparéiert.

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le traité Euratom est caduc d'un point de vue énergétique moderne, douteux puisqu'il mélange promotion et contrôle de l'énergie nucléaire et non équitable;*

*- considérant qu'il crée une zone économique spéciale pour l'énergie nucléaire, ce qui est contraire à l'idée de la création d'un marché commun de l'énergie et d'une politique de concurrence unique à l'intérieur de ce marché;*

*- considérant que les moyens démocratiques de contrôle par rapport au traité font défaut;*

*- déplorant que la Convention européenne, dans ses débats autour de l'intégration d'une clause de révision a préféré reléguer le problème d'une réforme fondamentale du traité à la Conférence intergouvernementale européenne;*

*- déplorant que dans le protocole de modification du traité Euratom ajouté au texte d'un traité constitutionnel actuellement en phase de finalisation, l'introduction du principe de codécision du Parlement européen dans cette matière n'est pas prévu;*

*invite le Gouvernement*

*- à user de toutes ses forces lors de la prochaine Conférence intergouvernementale qui s'annonce afin que la révision du traité Euratom soit réalisée dans les meilleurs délais;*

*- à œuvrer pour que lors de cette révision tous les aspects promotionnels de l'énergie atomique soient annulés et que les aspects liés à la sécurité des installations existantes et les aspects de non-prolifération soient repris dans le Traité général de l'Union;*

*- à s'engager pour un traité qui respecte la volonté de la majorité de la population européenne de renoncer à l'utilisation de l'énergie atomique et qui favorise une politique énergétique correspondant aux principes de l'efficience, de la protection de l'environnement, du développement soutenable, de la protection de la santé et du contrôle démocratique.*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Jean Huss.*

E weidere Punkt ass d'Aussen- a Sécherheetspolitik. Amplaz datt Europa sech géif op seng Kapassitéite fir gewaltfräi Konfliktléisung besënnen an op verstäerkte friddenspolitesch Initiativen ze setzen, steet elo am Text d'Schafung vun engem Amt oder enger Agence fir Rüstung, Fuerschung a militäresch Kapassitéiten.

An da schliesslech d'Bürgerbegehren, vun deem virdrun och scho geschwat ginn ass. Dass um Schluss dës Iddi zu Éire koum, dat ass zwar ganz positiv, mä et gesäit scho bal no engem Trouschtpräis fir d'Zivilgesellschaft aus. Dobäi wor et jo eigentlech ee vun den Opträg vu Laeken un de Konvent gewiescht, fir Europa de Biergerinnen a Bierger erëm méi no ze brengen.

Genau deeselwechten Androck, Dir Dammen an Dir Hären, huet een awer och elo bei deene Referenden, déi deemnächst a villen europäesche Länner an och zu Lëtzebuerg wäerten ofgehale ginn. Natierlech ass dat un a fir sech eng ganz gutt Saach, mä Participatioun just nodréiglech, dat geet eis net duer, zu engem Paquet jo oder nee soen, kaum Méiglechkeeten ze hunn inhaltlech an nuancéiert ze diskutéieren, dat fanne mir, dat ass d'Aufgaben net gemaach, déi Laeken gestallt huet. Mir hätten eis gewënscht, dass och am Virfeld schonn eng ganz Rei Diskussiounen hätte kënne lafen, an dass dann och vläicht vun der Zivilgesellschaft nach hätt kënnen op den Text méi Afloss geholl ginn.

Dovun ofgesinn, dass e Referendum grad an dësem Fall haaptsächlech wäert e Plébiscite fir oder géint Europa ginn, an net, wéi ech gesot hunn, eng nuancéiert an inhaltlech Ausernanersetzung mat deem Text, deen de Konvent ausgeschafft huet. A grad déi, Här President, déi sech am meeschte fir Europa asetzen, wäerten hei an e ganz schwéieren Dilemma geroden. An ech wéilt do en Zitat bréngen, wat ech op der Homepage vu Leit erëmfonnt hunn, jonk Studenten, déi sech ganz intensiv mam Thema Europa ausernaner gesat hunn. Déi Homepage nennt sech Café Babel, se ass ganz interessant. An do fënnt een dann zum Beispill folgend Zitat, Dir entschëllegt mäin Englesch: „In all this the most europhile of civic groups find themselves up against an impasse. The signs are that the Constitution will be put to a referendum in the various EU states, but if the final document falls too far short of the hopes which were invested in it - which will certainly be the case if the IGC foreshortens still further the small gains made - how then will the europhile organizations ask us to vote? Will they call for a yes, a no or an abstention? Such is the great moral dilemma which will be debated in many organizations and collectives in the coming months. The resulting document probably will not be the one most of European civil society was hoping for, but its rejection would mean a certain setback for Europe."

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, eng Rei vun den Themen, déi ech virdrun opgelëscht hunn, stoussen awer net nëmme bei ONGen op Widderstand oder zumindest op negativ Gefiller, mä si kéinten och bei der Bevölkerung selwer fir d'Akzeptanz vum Traité eng wichteg positiv oder vläicht och negativ Roll spillen. Et ass net evident wéi déi Referende wäerten ausgoen, besonnesch a Länner, déi souwisou schonn éischter euroskeptesch ausgeriicht sinn.

Ech kéim dann zu den Institutiounen a fir d'alleréischt zu der Method, déi och an deem heite Beräich gespillt huet, respektiv net gespillt huet, well och hei huet d'Méthode conventionnelle am Fong net gegraff, mir hate keen Aarbechtsgrupp, deen déi Diskussioun hätt kënne virbereeden, mä mir hunn op de Proposë vum Här Giscard d'Estaing selwer geschafft, ëm déi fir d'éischt am Präsidium gestridde ginn ass, an dunn an der Plénière. Dofir hu mer elo eng ganz Rei vun Onklorheeten an der Rolleverdeelung zum Beispill tëschent dem neie Rotspresident, dem Kommissiounspresident an dem Ausseminister. Mir hunn awer och Onklorheeten am Fonctionnement vun neie Rotatiounssystemer wéi deem vun de Kommissären oder och deem vun de Fachminister an hire Formatiounen.

Mir hunn e President wou ee kann zwar frou sinn, datt et net dee Superpresident ginn ass, dee sech Leit wéi déi Häre Blair oder Chirac oder Aznar gewënscht haten, mä deen awer relativ staark ass par rapport zu engem Kommissiounspresident. A mir hunn e Kommissiounspresident, deen zwar elo vum europäesche Parlament gewielt gëtt, mä awer net fräi, mä op d'Propositioun hi vum Conseil.

An dann zur Roll vun den Nationalparlamenter, en Thema wat mer besonnesch um Häerz läit, well ech selwer am Aarbechtsgrupp war, dee sech mat deem Sujet befaasst huet. Et ass hei gesot ginn, dass hei grouss Neierunge komm wären, ech sinn net onbedéngt där Meenung. Ech hunn d'Gefill, dass finalement, wann ee vun deem wichtegen, awer och net onkontestéierten neien Instrument vum „early warning mechanism" ofgesäit, dass dann awer net esou vill Konkretes dobäi erauskomm ass, et pour cause, well ech mengen, dass kee Konvent an och keng aner europäesch Struktur de Parlamenter kann ewechhuelen, dass si selwer hir Hausaufgabe maachen. Domat weisen ech drop hin, dass mir als Gréng eng ganz Rei vu Propositioune gemaach hate wéi mir kéinten heibannen eis d'Moyenë gi fir méi eng effikass Europapolitik.

Ech weess, dass déi Propositioune mat gewëssem Wohlwollen hei opgeholl gi sinn, mä dass duerno awer, mengen ech, net méi ganz vill geschitt ass. Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, wann den Här Wiseler zum Beispill seet, dass d'Parlamenter méi Matsproocherecht misste kréien, jo da musse mir eis vläicht selwer dee Moyen emol ginn an da musse mer selwer emol méi fréi opstoen, well wa mir gären am Virfeld matschwätzen - keng Regierung a keen Europa hënnert eis drun, fir dat ze maachen -, da musse mir eis éischtens déi Strukture ginn an zweetens och déi Ressourcen. Domat mengen ech zum Beispill déi Proposen, dass hei an der Chamber misste Fachkräften agestallt ginn, déi deen Domän betreien, an dass et an de Fraktioune misst méiglech si Fachkräften ze hunn, déi sech mat der ganzer europäescher Problematik kënnen ausernaner setzen, well soss komme mir hei ni op e gréngen europäeschen Zweig.

An deem Sënn begréissen ech, dass eng Rei vu Konventionellen, den Här Fayot ass och dobäi, eng Deklaratioun preparéiert hunn, déi och sënnlecherweis iwwerschriwwen ass: „Raise national European awareness", wou zum Beispill gesot gëtt d'Parlamenter sollen encouragéiert gi fir europäesch Themen op déi national Agenden ze setzen an hir europäesch Appréciatioune bekannt ze maachen.

Här President, nach e Wuert zu deene klenge Länner. Ech mengen, dass déi kleng Länner schonn eng ganz Rei Efforte gemaach hunn, dass si och eigentlech e relativ héije Präis bezuelt hu bei deem Kompromëss, dee schlussendlech elo erauskomm ass. Ech denken un deen neie System vun der Zuel vun de Kommissären. Et ass zwar esou, dass déi Saach soll egalitär geregelt ginn, wat ganz positiv ass, mä et ass awer sécher, dass déi aktuell Situatioun deene klenge Länner vläicht méi Méiglechkeete gëtt fir sech ze profiléieren. Dat spillt nach méi bei der Ofschafung vun der Rotatioun bei der Presidentschaft.

An dann d'Zuel vun de Membere vum Europaparlament. Och wann hei am Land beschwichtegt gëtt fir Lëtzebuerg géif sech bis op weideres näischt änneren, esou si mir awer relativ skeptesch oder zumindest op eise Gardë wat déi Zäit no 2009 betrëfft.

De Konvent hat bäim Sträit iwwert d'Institutiounen net nëmmen d'Uleies vun der Zivilgesellschaft vergiess, mä en ass och der Versuchung erleeë fir politesch Konflikter duerch Kouhändel ze léisen. Ech hat virdru schonn e Beispill genannt an denken, dass haaptsächlech d'Englänner an awer och d'Spuenier hei e groussen Drock ausgeübt hunn, an de Konvent - dat kann ee roueg soen - als Geisel geholl hu fir déi Themen, déi hinne wichteg waren, duerchzesetzen.

An deem Sënn huet de Konvent, menger Meenung no, en héije Präis bezuelt, fir dach nach zu enger Eenegung ze kommen. Natierlech muss een dat an en europäesche Kontext setzen, dass mer am Moment e Premierminister an England hunn, deen nach immens pro europäesch ass, well ee sech ka virstelle wéi d'Situatioun gewiescht wär, wa mer do en anere Mënsch sëtze gehat hätten. Jiddefalls huet England dann op där anerer Säit, an dat ass de Pendant an deem Kouhandel, schliesslech noginn, wat d'Créatioun vum europäeschen Ausseminister betrëfft, esou datt Der also gesitt, dass net ëmmer d'Method vum Konsens gespillt huet, mä dass et leider och iwwer aner Weeër, besonnesch zum Schluss, gaangen ass.

Wéi gesinn elo déi nächst Wochen aus? Wéi gesot wäerten e Freideg an déi aner Woch déi lescht Amendementer an den drëtten Deel integréiert ginn. Mir hoffen, datt do nach esou vill wéi méiglech positiv Ännerunge kënne geschéien, an da wäert déi lescht Rettung awer bei der Regierungskonferenz leien. Do wäert da kloer ginn a wéi vill Detailberäicher et nach méiglech ass, haaptsächlech och um Niveau vum Abandon vun der Unanimitéit a vu méi Votes à majorité qualifiée, an domat méi Europa nach ka kippen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Jiddefalls kënne mer eréischt eng definitiv Ausso iwwert deen Text maachen, wann d'Regierungskonferenz, déi jo am Hierscht eréischt ufänkt mat schaffen an am Prinzip wëllt géint Enn vum Joer domat fäerdeg sinn, dat gemaach huet a wa si eis hir Resultater virleet. Elo schonn awer kann ee soen, dass eng grouss Responsabilitéit op de Regierunge läit, well si dat lescht Wuert hunn. A wann d'Regierungskonferenz géif higoen an déi Efforten, déi vum Konvent gemaach gi si fir zur Eenegung ze kommen, komplett zerstéiere géif, da wär natierlech dee ganzen Exercice vum Konvent en Debakel an en Echec, dee keen an Europa sech ka leeschten.

Wéi den Här Giscard d'Estaing virun e puer Deeg de fäerdegen Entworf vun enger Verfassung virgestallt huet, war eigentlech eng grouss Harmonie an ass eng grouss Zoustëmmung fir deen Text komm. Do si Wierder gesot gi wéi excellent oder souguer historesch, an dat obwuel déi Deeg virdru ganz hefteg kritesch Téin zum Beispill vu Warschau, vu Madrid, vun Dublin awer och vu Lëtzebuerg komm waren. Mir si frou, dass déi positiv Reaktioune schliesslech komm sinn, well domat bannen sech d'Stats- an d'Regierungschefe fir déi Regierungskonferenz, déi dann elo deemnächst usteet.

Här President, e Bilan ze zéien ass net ganz einfach. Mir mengen, dass et eng ganz Rei positiv Punkte gëtt, déi an dësen Text erakomm sinn. Ech versiche ganz kuerz déi Beräicher opzezielen, wou d'Unanimitéit duerch de Vote à majorité qualifieé ersat ginn ass: d'Integratioun vun der Charta, d'Rechtspersoun fir d'Europäesch Unioun, d'Simplificatioun, d'Aschreiwe vun der sozialer Maartwirtschaft, d'Communautariséierung vum drëtte Pilier oder d'Schafe vun engem Ausseminister, an déi verstäerkte Roll vum Europäesche Parlament.

Vill vun deene Punkte hunn dann awer schonn a sech selwer erëm eng negativ Connotatioun. Ech huelen als Beispill d'Unanimitéit. Déi ass zwar elo d'Regel ginn, mä wann ee sech d'Saach genau ukuckt, da gesäit een, dass an enger ganzer Rei vu Beräicher an notamment an esou wichtege Beräicher wéi dem Ëmweltrecht oder dem Schutz vun den Aarbechter Ausnahme bestinn oder déi Diskriminéierungen, déi ech virdru scho genannt hunn, esou vill Ausnahmen, dass en fait d'Unanimitéit awer nach ganz staark present ass. Datselwecht gëllt och fir d'Codécisioun vum Europaparlament. D'Simplificatioun, et ass schonn hei gesot ginn, ass nëmmen an Usätz gelongen. D'Aschreiwe vu soziale Rechter a vum sozialen Dialog riskéiert en zahnlosen Tiger ze ginn. D'Charta ass zwar integréiert ginn, mä mat hire Schwächten, déi mer deemools awer och scho festgestallt haten a mat deene genannten iwwerflëssege Commentairen.

Fir d'Regierungskonferenz géif et also munches ze di ginn, mä de Risiko ass natierlech och grouss, dass wann een dee Paquet opmécht, alles ausernaner gepléckt gëtt. Deen neie konstitutionellen Traité ass eiser Meenung no a ville Beräicher nëmmen e ganz klenge Schrëtt no vir an a munche souguer een no hannen. An enger Rei vu Fäll ass et net kloer, ob et no vir oder no hanne geet. Et ass also eiser Meenung no och e Konvent vun de verpasste Chancen.

Positiv Begleiterscheinung ass awer, dass déi 16 Méint vun Zesummenaarbecht tëschent deenen dräi Komponenten erméiglecht hunn, dass nei Kontakter, nei Koalitiounen entstane sinn, wou och d'Bäitrëttslänner mat abezu waren, an dat ass sécherlech eng wichteg Virbereedung op den Élargissement.

Mir kënnen eis, vu datt mer déi Saache méi kritesch gesinn, dofir och net esou richteg mat der Analys ufrënden, wéi mer se elo an de Considérante vun der Resolutioun vun der LSAP erëmfonnt hunn. Mir mengen net, dass deen Text e „Compromis globalement équilibré" ass. A wa sech hei iwwer eng Rei vun Neierunge félicitéiert gëtt, da feelt eiser Meenung no bei der Oplëschtung och déi vun den negative Punkte vun deene Beräicher wou et Stagnatioune gëtt oder souguer Réckschrëtt, och wa mer mam „invite" d'accord si fir e Referendum ofzehalen.

Här President, mir hunn eng eege Motioun ausgeschafft, déi méi kritesch ass an eiser Meenung no méi der reeller Situatioun Rechnung dréit. De Moien hu mer iwwert de Fax eng Motioun vun der LSAP krut niewent der Resolutioun, déi se preparéiert huet, a mir bedaueren e bëssen, dass déi eréischt elo kuerzfristeg nokomm ass. Ëmmerhin ass déi e bësse méi kritesch ausgefall, an an enger Rei vu Punkten ass se sécherlech complémentaire zu där, déi mir preparéiert hunn. Mir konnten eis trotzdeem net dozou duerchréngen, fir se mat ze ënnerschreiwen, esou wéi dat eis proposéiert gi wor, mä et kënnt awer sinn, datt mer se mat e bësse Bauchwéi wäerte matstëmmen.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la Convention européenne va achever ses travaux d'élaboration d'un traité constitutionnel sous peu;*

*- considérant qu'au stade actuel, des réelles avancées, notamment dans les domaines de la personnalité juridique de l'Union, de la fusion des trois piliers, de l'inclusion de la Charte fondamentale dans le traité ou encore de l'inscription de certains principes fondamentaux, sont relativisées par le peu de progrès en matière d'abandon de la règle de l'unanimité;*

*- considérant que les questions institutionnelles ont été dominantes par rapport à celles qui touchent directement à la vie des citoyennes et citoyens, à savoir la politique sociale et environnementale de l'Union, la participation démocratique et les mesures de non-discrimination;*

*- considérant que l'égalité entre femmes et hommes n'a pas été inscrite de façon explicite parmi les valeurs de l'Union et que la lutte contre la violence à l'égard des femmes n'a pas été évoquée;*

*- considérant que certains sujets importants comme le rôle des services d'intérêts généraux n'ont pas été traités à leur juste valeur;*

*- considérant que l'occasion n'a pas été saisie de réformer le traité Euratom;*

*- considérant que le référendum prévu par le gouvernement pour soumettre le futur traité constitutionnel européen aux électeurs et électrices luxembourgeois-es ne cache que mal le fait que les efforts de concertation avec les forces vives du pays n'ont été que minimales et les possibilités des citoyennes et citoyens d'influencer le débat ont été réduites;*

*- regrettant qu'elle n'a pas réussi à éveiller l'intérêt de la population pour l'importance du débat préparatoire autour de la future constitution européenne;*

*- exprimant sa propre volonté à faire tous les efforts qui sont dans ses moyens afin de contribuer à un débat démocratique et contradictoire sur le futur traité européen;*

*invite le Gouvernement*

*- à s'engager au niveau de la CIG qui s'annonce pour que les failles les plus graves dans les domaines cités soient encore éliminées;*

*- à insister pour que la procédure de déclenchement de la révision du futur traité constitutionnel ne soit pas soumise à la règle de l'unanimité;*

*- à préparer le référendum annoncé en élaborant, de concert avec la Chambre, une campagne d'information efficace et attrayante sur les résultats de la CIG.*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Här President, eis Motioun wéi gesot ass net nëmme kritesch mat der Regierung, mä se ass och e bëssen autokritesch, well mer mengen, datt och d'Parlament selwer hei hätt méi Efforte kënne maachen, och d'Lëtzebuerger Parlament.

An do kéim ech dann och zu mengem leschte Punkt, dem Apport vun der Chamber. Mir sinn der Meenung, datt net alles par rapport zu der Aarbecht am Konvent esou gelaf ass wéi et hätt sollen. Wat zum Beispill den Dialog mat der Zivilgesellschaft ugeet, och wat, an dat huet den Här Fayot virdrun och schonn ugeschnidden, d'Iwwerdroe vun deene puer Débaten, déi mer haten, op d'Chamber-TV ugeet, wou mer wierklech fannen, wa schonn hei Saachen organiséiert ginn, wou d'Zivilgesellschaft ugeschwat ass, dann ass et onverständlech, datt dat dann net och kann iwwerdroe ginn.

Mä och aner Forme vun Dialog a vun Informatioun sinn eiser Meenung no ze kuerz komm, an ech denken do och un den Internet-Site, deen d'Chamber zesumme mat der Regierung opgemaach huet. Éischtens emol ass en net opzefannen. Et muss ee sech scho gutt dru ginn, wann een op de Chamber-Site geet, fir en iwwerhaapt erëm ze fannen, a wann een en da fonnt huet, da mierkt een, datt e leider net komplett all déi Bäiträg vun de Lëtzebuerger Konventionellen erëmgëtt, déi se ausgeschafft hunn oder déi Rieden, déi se am Konvent gehalen hunn. Do wär munches ze maache gewiescht.

Mir hoffen, an domat kéim ech zu menge Schlusswierder, vu dass et net auszeschléissen ass, datt dëse Konvent net dee leschten ass, datt et dann d'nächste Kéier net nëmmen an deem Punkt besser geet. Dat wär meng Hoffnung, datt beim nächste Konvent alles besser gëtt.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Dee Projet vun der europäescher Verfassung, wéi en eis elo virläit, stellt e gewëssen Equiliber duer tëschent de wirtschaftlechen, sozialen a politesche Kräften, déi an Europa um Wierk sinn.

Selbstverständlech stinn d'Wirtschaftsinteressen a steet déi weider Verdéiwung vum Bannemaart a seng Ausdehnung op zéng nei Länner am Virdergrond. E relativ neien Aspekt ass den Ausbau vun Europa als politeschen a militäresche Machtfaktor.

Den europäesche Verfassungsentwurf ass awer gläichzäiteg, wéi d'Vertriederin vun der Gauche unitaire européenne am Konvent, d'Madame Kauffmann, geschriwwen huet, „en eenzegaartegen Integratiounsprojet vu 25 State mat iwwer 450 Millioune Leit", deen nach weiderhin opbleift fir aner Länner. Esou en Integratiounsprojet huet kee Bestand, wann en net wéinstens usazweis den Ausdrock ass vum Wëllen a vun der Fäegkeet vu senge Biergerinnen a Bierger solidaresch zesummenzeliewen a wa méiglech besser zesummezeliewen. Op jidde Fall net méi schlecht.

Déi Politik, déi an Europa awer dominéiert, spigelt d'Autoritéit vun der fräier Konkurrenz erëm an domat och d'Autoritéit vun deem Stäerkeren. Et muss een awer och agestoen, dee virleiende Projet dréit wéinstens usazweis enger nach zevill schwaacher Realitéit um Terrain Rechnung, an zwar der Emergenz, dem Opkomme vun engem Mouvement social européen an och de gewerkschaftlechen Ausernanersetzungen an deene verschiddene Länner géint den Ofbau vum Sozialstat.

Déi Bewegungen do, déi um Terrain aktiv sinn, waren net um Bréissler Konvent vertratt, op jidde Fall net direkt, mä si hunn awer keen europäesche Sommet verpasst fir hir Revendicatioune versichen ze preziséieren, ze concertéieren a virzedroen. E Vertrieder vun ATTAC, den Daniel Spoel, huet sech äußerst virsiichteg zum Text vum Konvent ausgedréckt a gemengt: « La société civile devra débattre de ce projet de constitution avant juin 2004, puisqu'elle n'a pas voulu ou su le faire pendant les travaux de la Convention. S'il y a référendum, il faudra informer le grand public des enjeux et savoir s'il faut dire oui ou non. Une chose paraît claire: il y a de nombreuses raisons de dire non, malgré une avancée démocratique qui est visible, mais combien insuffisante. »

Ech wéilt emol versichen aus menger Siicht hei déi positiv Punkte vun deem Verfassungsentworf ze nennen.

Éischtens bei de Wäerter vun der Unioun kënnt am Artikel 1-2 dee vun der Gläichheet dobäi, vun der Egalitéit. Dat ass e Wuert wat ee scho laang net méi héieren huet an der öffentlecher Debatt, an dat ass, kënnt ee soen, e gewësse symbolesche Broch mat der Dominanz vum Neoliberalismus. Ech mengen och, dass een op déi Avancée kann an Zukunft opbauen. Mä de Pabeier, dat wësse mer awer och, ass gedëlleg an d'Politik vun der Unioun ass wäitgehend eng aner.

Zweetens gëllt datselwecht fir den Artikel 1-3, wou de plein emploi an de Progrès social als Zil vun der Ekonomie genannt ginn, och wann déi Ekonomie e bësse widderspréchlech als „économie sociale de marché hautement compétitive" bezeechent gëtt. Mir wësse jo wat den Inhalt vun där Kompetitioun ass a wat fir Wäerter dobäi gewéinlech op der Streck bleiwen. Och hei mussen déi sozial Inhalter vun der Verfassung eréischt geschafe ginn. An dobäi ass aus menger Siicht d'Charte des droits fondamentaux, déi elo als Kapitel II an den Traité iwwerholl gëtt an domat och aklobar gëtt, nach ëmmer e vill zevill schwaacht Fundament fir esou eng europäesch Sozialpolitik. Den Här Juncker huet emol eng Kéier gesot: „L'Europe souffre d'un énorme déficit social". Ech hat dat zitéiert bei der leschter Debatt, déi mer haten iwwert den europäesche Konvent.

Drëttens déi „avancée démocratique visible, mais combien insuffisante" vun där den ATTAC-Vertrieder geschwat huet, besteet haaptsächlech aus folgenden Elementer:

- dat europäescht Parlament kritt e puer Befugnisser bäi, souwuel wat seng legislativ wéi seng Kontroll- an Ernennungsbefugnisser vun der Kommissioun ugeet. D'europäesch Wahle gewannen domat ouni Zweifel u Bedeitung;

- déi national Parlamenter ginn am Virfeld an den europäeschen Décisiounsprozess agebonnen a kënnen d'Anhale vum Subsidiaritéitsprinzip kontrolléieren an domadder verhënneren, dass d'Europäesch Unioun hir Befugnisser iwwerschreit, déi am Traité dës Kéier awer zimlech kloer preziséiert a katalogiséiert ginn;

- déi lokal an déi regional Autonomie gëtt am Traité festgeschriwwen an domat gëtt verhënnert, dass en zentralistesche Superstat all Beräicher vum Zesummeliewe kann iwwerwucheren;

- et ginn och nei Recoursrechter vun de Bierger beim europäesche Geriicht festgeschriwwen, grad wéi och en europäesche Referendum festgeschriwwe gëtt;

- d'Sitzunge vum Ministerrot sinn an Zukunft öffentlech, wann en als Gesetzgeber funktionnéiert. Dat erlaabt der Öffentlechkeet an Zukunft besser hir Regierungen ze kontrolléieren, an déi kënnen sech och net méi esou einfach hannert den Entscheedunge vu Bréissel verstoppen.

Mä trotz deene Fortschrëtter bleiwen awer déi negativ Elementer vun der europäescher Konstruktioun bestoen. D'Europäesch Unioun leid nun ebe weiderhin un engem groussen Demokratiedefizit. Hiert Parlament ass net am volle Sënn, esou wéi en nationaalt Parlament, den Ausdrock vun der Vollekssouveränitéit. De wichtegste Motor vun den Décisioune bleift weiderhin eng Kommissioun, déi net nëmmen Décisioune kontrolléiert an exécutéiert, mä och nach a ville Fäll eleng d'Virschlagsrecht fir d'europäesch Gesetzgebung behält.

Dat wahrscheinlech wichtegst gesetzgebend Gremium bleift weiderhin och d'Versammlung vun den europäesche Regierungen, de Ministerrot. D'Ofschafung vum Rotatiounsprinzip an den europäesche President deiten eng bedauerlech Entwécklung a Richtung Présidentialismus un. D'Regierunge behale weiderhin am Ministerrot d'Méiglechkeet déi europäesch Politik ze blockéieren, do, wou eng Unanimitéit verlaangt ass.

An deene Beräicher, déi fir d'fräi Zirkulatioun vum Kapital wichteg sinn, ass jo bekanntlech den Unanimitéitsprinzip scho laang ofgeschaaft. An deene Beräicher awer, déi wichteg wiere fir déi fräi Zirkulatioun e bëssen ze reguléieren, an och ze contrebalancéieren, dat heescht an der Wirtschaft- an an der Sozialpolitik, gëllt nach ëmmer den Unanimitéitsprinzip.

D'UNICE, d'Organisatioun vum europäesche Patronat, mengt déi sozial Froe wären zevill national an et kënnt ee se schlecht europäesch regelen. Och de FEDIL-Vertrieder - dat hunn ech nogelies - huet beim Hearing virun der Chamber den 9. Juli 2002 deklaréiert, hei misst virun allem de Subsidiaritéitsprinzip a soziale Froen zum Beispill spillen. Sécherlech, och national musse weiderhin nach besonnesch wäit gehend Sozialgesetzer an Zukunft méiglech sinn, mä wann net europäesch en héije soziale Protectiounsniveau besteet, da ginn um nationale Plang d'Gewerkschaften an déi Leit, déi schaffe ginn, an d'Zwangsjacke vun enger Konkurrenzlogik eragepresst, wéi mer dat jo all Dag erliewen, déi lescht Zäit nach bei der Bunn oder bei de Spideeler.

Mir erliewen datselwecht och bei der Diskussioun ëm de Standuert Lëtzebuerg. Mat deem Argument vun der Compétitivitéit gëtt do de steierlechen a sozialen Dumping gemaach, dacks zum Nodeel vun der wirtschaftlecher Substanz vun eise Nopeschregiounen, mä och zum Nodeel vun enger équilibréierter Entwécklung bei eis. Ech hunn dat schonn dacks hei beklot. Ech brauch do net op den Detail anzegoen.

Ech hunn och mat Opmierksamkeet konnten déi Deklaratiounen noliesen, déi den Här Juncker gemaach huet um Radio, an déi schénge mer méi wichteg ze si wéi déi iwwert seng perséinlech Zukunft, dat sinn déi, déi hie gemaach huet, wou hien der däitscher Regierung säin Appui ginn huet fir déi sou genannte Strukturreformen, an do sinn der derbäi, déi eis deelweis oder déi déi Däitsch deelweis zréckdreiwen an d'Situatioun wéi se bestanen huet am 19. Jorhonnert, wéi zum Beispill, dass d'Leit d'Cotisatioune fir d'Krankegeld selwer mussen aus der eegener Täsch bezuelen. Op jidde Fall, déi belsch Gewerkschaften…

***(Interruptions)***

Ech hunn dat nogelies wat Dir gesot hutt.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- …mä et war leider eng Klausur.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Ech kéint Iech jo zitéiere wat Der op Radio RTL gesot hutt. Dat war esou zimlech dat wat ech elo erëmginn hunn.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech hu gesot wichteg wier et Strukturreformen ze maachen, ech hunn awer net gesot, dass et wichteg wier de Kënnegungsschutz ofzeschafen.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Dat hunn ech jo och elo net gesot. Dir hutt gesot d'Strukturreformen an der Santé, zum Beispill.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Jo.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- An dat bedeit jo awer och déi Diskussioun ëm d'Cotisatioune fir d'Krankegeld, déi d'Leit elo an Zukunft…

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Mä dat bedeit, dass all Däitsche soll cotiséieren, wat déi däitsch Beamten, déi däitsch Baueren an déi däitsch Indépendanten de Moment net maachen, wat se zu Lëtzebuerg schonn zënter laangem maachen. Och dat musst Der elo soen.

***(Hilarité)***

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Op jidde Fall déi belsch Gewerkschaften, souwuel déi sozialistesch wéi och déi chrëschtlech, ech hunn och gelies wat déi iwwert de Konvent soen. Déi hu gesot se géifen den europäesche Verfassungstext inakzeptabel fannen, soulaang en et net géif méiglech maache majoritär eng sozial a fiskal Politik an Europa ze maachen an esoulaang en net géif virgesinn ausdrécklech d'Services publics oder d'Services d'intérêt général, wéi dat am Jargon vun der Europäescher Unioun heescht, vun de Regele vun der Konkurrenz auszeschléissen, fir ebe just gewëssen negativ Politiken um nationale Plang kënne besser ze contrebalancéieren, wou jo awer déi Gewerkschaften an der éischter Rei stinn, wann et drëm geet fir d'Konsequenzen dovunner auszeläffelen.

Zum Schluss wëll ech nach kritiséieren, dass de Projet d'europäesch Citoyennetéit un d'Nationalitéit an net un d'Résidence bënnt an och keng wierklech participative Demokratie aféiert, déi iwwert en einfacht Ulauschtere vun den Uleiesse vun der sou genannter Zivilgesellschaft géif erausgoen.

Ech fannen och déi Entwécklungstendenz vun enger europäescher Militärpolitik, esou wéi se elo am Traité festgeschriwwe gëtt, besonnesch negativ. D'Missioune vu séieren Agräiftruppen am Ausland hunn, a menger Siicht wéinstens, näischt mat Verteidegungspolitik, mä virrangeg mat weltpolitescher Machtpolitik ze dinn, an ech hu festgestallt, dass am strategesche Projet vum Här Solana d'Notioun vum Preventivschlag op eemol dra vir kënnt, obscho jo eigentlech an der Konventioun steet, dass d'Primautéit vun der UNO-Charta ze gëllen huet, an d'UNO-Charta gesäit nun eben net e Preventivschlag vir.

Dat war jo déi Diskussioun, déi mer beim Irak hei dacks an der Chamber haten, wou d'Amerikaner falsch louchen, an ech froe mech firwat déi Ausernanersetzunge gutt waren, wann elo Konzepter vum Bush a vum Blair grad an deenen dote Froen erëm an europäeschen Décisiounen optauchen. Och déi Diskussioun iwwert déi europäesch Agrarpolitik, déi jo och op d'Bedreiwe gemaach gëtt vun den USA, bedeit leschten Enns en Opmaache vun de Mäert an Europa fir d'international Konkurrenz, an dat zäitgenau virum nächsten OMC-Sommet zu Cancún.

Ech mengen also fir ofzeschléissen, Här President, den Asaz fir déi europäesch Iddi verlaangt also weiderhin eng grouss Opmierksamkeet, wann Europa net soll deene Leit gehéieren, déi Couponë schneiden oder vu Patenter oder vu Gen-Manipulatioune profitéieren oder vun der Rüstungsindustrie. An op d'mannst déi Opmierksamkeet an der Öffentlechkeet wäert jo wahrscheinlech dee Projet hei provozéieren. Ech mengen dat ass op d'mannst ee vun de grousse Virdeeler vun deem Projet hei.

Zur Resolutioun - ech hunn nach e bëssen Zäit zu de Motiounen ze schwätzen - vun der LSAP wëll ech ongeféier datselwecht soe wéi hei d'Madame Wagener. Ech fannen och en einfache Referendum mat jo a mat neen huet e wäit gehend plebiszitäre Charakter an erlaabt net eng genau Äntwert vun de Leit zu deene wichtege Froen, déi sech awer de Moment an Europa stellen, an dat sinn zum Beispill déi Froen um soziale Plang. Do wier et scho wichteg gewiescht, dass een hätt kënne prezis a vläicht schonn ier d'Décisioune geholl gi sinn emol eng Kéier eng Ëmfro maachen oder e Referendum maachen, ob d'Leit der Meenung sinn, dass zum Beispill d'Services publics sollen an d'europäesch Verfassung kommen oder aner sozial Saachen, wéi zum Beispill och, dass den Unanimitéitsprinzip géif ofgeschafe gi wat sozial Froen ugeet.

Dat wiere prezis Froe gewiescht, wou een hätt kënne prezis Äntwerte vun de Leit kréien. Wéi de Referendum sech elo stellt ass et effektiv en Dilemma fir vill Leit, déi dann net wëssen, ob se solle mat jo oder mat nee stëmmen, well se awer eng ganz Partie vu grondleeënde Kriticken un deem Entworf do ze maachen hunn.

Trotzdeem mengen ech, dass dee Referendum awer soll duerchgefouert ginn. En erlaabt eng öffentlech Diskussioun iwwer all déi Themen an eleng dat ass och schonn d'Saach wäert. Ech wäert dofir och déi Motioun vun der LSAP stëmmen, och wéinst deem leschte Saz, deen zum Referendum opfuerdert, net onbedéngt wéinst all Bestanddeel vun der Motivatioun, wou jo och ganz vill Saachen dra feelen.

Voilà, ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als lescht Diskussiounsriednerin ass d'Madame Lydie Err agedroen. D'Madame Err huet d'Wuert.

**Mme Lydie Err** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt hei ausdrécklech déi Aarbechtsmanéier vum Konvent begréissen, och da wann inhaltlech sécherlech op e puer Punkten, déi hei nach nëmmen en marge ugeschwat gi sinn, munches ze wënschen iwwreg bleift.

Ech bedauere virun allem, dass eng Propositioun, déi ech an der Egalitéitskommissioun gemaach hunn, an zwar dass mir als Kommissioun sollten en Avis zum Egalitéitsaspekt an der Konventioun maachen, am Prinzip akzeptéiert ginn ass, mä en fin de compte keng Folgen hat, well soss kéint een eventuell jo hei net nëmmen a sengem eegenen Numm schwätzen, mä am Numm vun enger Kommissioun, an dat géif deenen Argumenter menger Meenung no jiddefalls eng aner Bedeitung kënne ginn.

Ech wollt mech da limitéieren a menger kuerzer Interventioun iwwert den Egalitéitsaspekt, deen d'Renée Wagener schonn ugeschwat huet, mä vläicht e bësselche méi an den Detail goe wéi hatt dat a sengem, wéi si dat, pardon, an hirem overall Kommentar gemaach huet.

Et ass richteg, dass et wichteg ass, dass den Egalitéitsprinzip an der éischter Partie vun dësem Traité steet, net aus Prestigegrënn, mä aus prakteschen Iwwerleeungen, well nëmmen déi Saachen, déi am éischten Deel stinn eng transversal Applicatioun a Bedeitung hunn an och doduerjer dann aner Effeten hätten, wéi wa se nëmmen an dem drëtten Deel vun de Politike stéingen.

Dofir ënnersträichen ech dat wat hei gesot ginn ass bei de Valeure vun der Unioun, wou d'Egalitéit zwar dra steet, mä wou net preziséiert ass wat fir eng Egalitéit gemengt ass, während den Artikel 4 vun därselwechter Konventioun preziséiert, dass bei der Non-discrimination déi Egalitéit, déi gemengt ass, déi ass zwëschent Nationalitéiten. Et wier also deemno wichteg genuch fir ze preziséieren, dass déi Egalitéit vum Artikel 1 net déiselwecht ass wéi dee bei der Non-discrimination beim Artikel 4, an an deenen zwee Fäll ze preziséieren, dass déi, déi viséiert ass och déi Egalitéit ass zwëschent de Männer an de Fraen.

Firwat wier et wichteg? Net nëmme fir de Prinzip, mä och fir den Acquis communautaire an dëser Matière ze conservéieren. An et gëtt Gruppen, déi scho méi laang op dësem Aspekt schaffen, déi déi Meenung deelen, mä deen ass hei an dëser Hinsicht net gewahrt. Firwat? Well déi Antidiskriminatiounsformel, déi elo am Artikel 4 dra steet, sech net prezis op d'Männer an d'Fraen applizéiert an och well doduerch et am Artikel vun de Valeuren net kloer ass, wat fir eng Egalitéit gemengt ass, an dass deen Gender mainstreaming, deen zwëschent Amsterdam am Traité transversal Kompetenzen un d'Unioun iwwergëtt, net méi assuréiert ass.

Et ass och esou, dass an den Domaines de compétences partagées expressis verbis d'Egalité entre les hommes et les femmes net mat dra steet, an dat ass, mengen ech, e wichtege Feeler. Firwat? Aus deeneselwechten Ursaache wéi déi, déi ech virdru gesot hunn, well keng transversal Kompetenze fir d'Unioun en matière d'égalité do sinn. A wa mer wëssen, dass déi wéineg Progrèsen, déi mer zu Lëtzebuerg an deem Domän gemaach hunn, normalerweis déi waren, wou mer eis konnten op europäesch Texter beruffen, da wësse mer, dass dat heescht, dass och op dësem Gebitt zu Lëtzebuerg keng sonneg Zäite kommen.

Wa mer kucken, wat an der Diskussioun zu Lëtzebuerg leeft iwwert den Artikel 11, da fanne mer eigentlech genau déiselwecht Diskussioun erëm wéi déi, déi am Konvent gefouert ginn ass. Et geet net duer iergendwou an der Verfassung den Egalitéitsprinzip an der Theorie anzeschreiwen, ouni op anere Plazen d'Moyenen anzeschreiwen, déi ee misst hu fir déi Egalitéit op dem Pabeier an d'Wierklechkeet ëmzesetzen. Or, esou ass dat awer an dësem Pabeier de Fall. Also e vaguen Egalitéitsprinzip, ouni ze preziséiere wat fir een, dass gemengt ass. Dann nach d'Absenz vum Mainstreaming, an den Non-Discriminatiounsartikel preziséiert a limitéiert nëmmen op d'Nationalitéiten an net op d'Geschlechter. D'Konklusioun ass a mengen A jiddefalls ze einfach, wa gesot gëtt, den Acquis communautaire ass versicht gi gewahrt ze ginn, well wat d'Egalitéit ubelaangt, esou ass dat sécherlech net de Fall.

Ech sinn nach vill manner optimistesch iwwert den Artikel 7 vum Traité iwwert d'Droits fondamentaux. Hei ass verschiddentlech begréisst ginn, dass d'Unioun d'Personnalité juridique hätt a kënnt der europäescher Mënscherechtskonventioun adhéréieren. Wa mer awer d'Formulatioun kucken, déi seet: « L'Unioun s'emploie à adhérer à la convention européenne », dann ass dat éischtens eng Facultéit, et ass keng richteg Obligatioun. Zweetens steet net dran, dass dat heiten eng generell Kompetenz wier, net nëmme fir d'europäesch Mënscherechtskonventioun mä virun allem och fir seng Protokollen, well déi Protocoles additionnels sinn dat, wat den europäesche Mënscherechtsaspekt staark mécht.

An deem Alinea duerno geet Rieds, wat fir eng Valeur deene Mënscherechter aus der europäescher Mënscherechtskonventioun zoukënnt, an zwar déiselwecht wéi déi, déi se bis elo hunn, ouni dass se awer ageschriwwe sinn am Traité: „Ces libertés font partie du droit de l'Union en tant que principes généraux". Also och op dësem Punkt, mengen ech, egalitéitsméisseg keen enorme Progrès, nëmme Méiglechkeete wou mer net wësse wéi se ausgeschöpft ginn an och bis wuer se kënnte féieren.

Et ass dofir och wichteg fir ze soen, dass et net datselwecht ass, ob d'Egalitéit en Objectif ass, wéi et elo de Fall ass, oder ob et eng Valeur ass, an dat wéinst dem Gender mainstreaming a wéinst der Signification en général, wat fir eng Plaz d'Egalitéit an dësem Traité ka kréien. Datselwecht gëllt selbstverständlech fir d'Antidiskriminatioun, déi hei op d'Nationalitéite limitéiert ass. Aner Elementer hätte wéi d'Egalitéit kënnen ageschloss ginn, ouni dass dat iergendwelleche supplementaren Effort verlaangt hätt.

Wat mech am meeschte stéiert ass am Fong de leschte Punkt, deen ech hei wëll prezis ernimmen, an zwar dass op enger Plaz an der drëtter Partie steet, dass d'Egalitéit en matière de travail ëmmer tëschent Männer a Frae géing bestoen, an dass Actions positives kënnte kommen, mä wat ganz kloer ass, dat ass, dass deen Aspekt vun den Actions positives sech exklusiv op d'Aarbechtsgebitt bezitt. Ech mengen, et wär derwäert gewiescht um europäeschen Niveau Virreiderroll ze spillen an déi Actions positives, dat heescht déi Moyenë fir en Objectif ze erreechen, net nëmmen um Aarbechtsgebitt, wou den Artikel 119 traditionell dat virgesäit, mä déi auszedehnen op all d'Gebitter, esou dass all Politike vun der Unioun hätte kënnen analyséiert ginn op hiren eventuellen Impakt op Egalitéitsfroen.

Och dat ass net de Fall, esou dass een nëmme kann hoffen, dass dat wat hei bis elo nach net erreecht ginn ass um Niveau vum Konvent, eventuell ka rattrapéiert ginn am Kader vun der Conférence intergouvernementale a virun allem, an dat wier definitiv mäi lescht Wuert an dëser Matière, dass mer um nationalen Niveau vun eiser Verfassung e bësse méi wäit komme wat Egalitéitsfroen ubelaangt, wéi dat elo de Fall ass.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

**Mme Lydie Polfer,** *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sollten haut jo zesummen d'Bewäertung vun den Aarbechte vun der Konventioun maachen, an ech war scho frou, datt déi meescht vun deenen, déi hei intervenéiert sinn, dat mat engem gewëssen Abstand, mat enger gewëssener Pondératioun gemaach hunn.

Et sinn eng Rei Saachen erreecht ginn, et sinn och vläicht souguer méi Saachen an deene leschten zwee Deeg erreecht gi wéi een nach eng Woch virdru konnt fäerten. Am leschten Endspurt ass effektiv en Effort gemaach ginn, mä mir all zesummen hunn hei op dëser Plaz an och an anere Gremien awer oft festgestallt, datt déi Method am Fong, och wéi se vun dem President ugewannt ginn ass, awer esou munches géing ze denke ginn, wat d'Transparenz an d'Zesummenaarbecht ubelaangt. Dofir muss ech soe war ech awer e bëssen erstaunt wéi den Här Fayot hei vu Gléck a Begeeschterung geschwat huet, déi d'Resultat vun der Konventioun bei him ausgeléist hätt.

Ech géing do schonn éischter op déi, wéi soll ech soen, méi équilibréiert Duerstellung léiwer zréckgräifen, déi d'Madame Wagener hei ginn huet, wéi se en Deputéierten zitéiert huet, dee gesot huet: „Gewëss et huet ons iwwerrascht, datt et finalement besser gaangen ass wéi mer geduecht hunn, mä et ass awer nach villes ze verbesseren". An ech kann Iech elo scho soen, datt mir wäerte versichen als Regierung am Kader vun der Regierungskonferenz esou vill wéi méiglech nach kënnen ze verbesseren oder ze preziséieren ouni awer dofir, an dat soen ech grad esou däitlech, dat Ganzt op d'Spill ze setzen. Et ass nach e besseren Equiliber ze fannen, an dat wëlle mer och maachen.

Ech wëllt awer och direkt hei ervirsträichen déi Aarbechtsweis, déi mir eis ginn hunn an déi Dir Iech ginn hutt, och zesumme mat der Regierung. All deene Konventionellen an awer och all deenen, déi matgehollef hunn an all deene Méint déi Aarbechten ze suivéieren, wéilt ech merci soe fir déi gutt a konstruktiv Aarbecht, déi gemaach ginn ass. An och dat hat mech e bëssen erstaunt wéi den Här Fayot hei geschwat huet, et wier elo déi éischte Kéier wou d'Leit dobaussen an enger heller Begeeschterung déi Aarbechte suivéiert hätten. Ech muss éierlech soen, ech sinn därer awer ganz wéineg begéint, déi hellop begeeschtert waren an déi Dag fir Dag d'Aarbechte vun dem Konvent suivéiert hunn. Dat heescht awer net, datt dofir d'Aarbechte manner wichteg waren, mä loosse mer eis dach ënner eis selwer näischt virmaachen.

Och dës Kéier, Gott sei Dank, ass e ganz groussen Deel vun der Aarbecht vun deenen nämlechte Leit gemaach ginn, déi Der genannt hutt, vun den Diplomaten, vun deene Leit, déi effektiv an deene 16 Méint ganz vill zesumme mat de Konventionellen a mat de Regierunge geschafft hunn. Déi Pabeieren, déi ausgeschafft gi sinn, an ech kommen nach drop zréck, ob dat Benelux-Pabeiere sinn, ob dat déi Koordinatiounsaarbechte sinn, déi mir gemaach hunn als Benelux-Présidence mat de like-minded Staten, och mat deenen neie Staten aus dem Elargissement, déi si preparéiert ginn, déi si geféiert ginn an de Ministèren, och um Niveau vun de Benelux-Länner mat deene Ministèren. Also et kann een net esou maache wéi wann net deen Input, dee grousse professionellen Input, dee gemaach ginn ass vu professionelle Leit, vu Leit also déi dat do wierklech an hirem Beruff maachen, net gemaach gi wär.

D'Regierung hat vun Ufank un, an ech wëll dat hei nach ervirsträichen, de Choix gemaach, fir ganz enk mat eise Vertrieder an dem Konvent ze schaffen. Mir koumen op eng regelméisseg Aart a Weis zesummen. Mir hunn eis consultéiert a konnten och dofir bis zum Schluss am grousse Ganzen eis Positioune kloer duerleeën. Mir hunn och munches erreecht. Ech wëll guer net ofstreiden, datt mer zesummen eng Rei Saache verhënnert hunn, déi méi schlecht gi

wieren, an datt mer eis Iddië konnten op méi eng grouss Aart a Weis duerleeën.

Alles an allem ass also eng gutt Aarbecht geleescht gi vun all deenen, déi matgehollef hunn, an et sinn och vill Punkten erreecht ginn. Se sinn alleguer hei schonn opgezielt ginn an dofir wëll ech just am Telegrammstil nach eng Kéier un déi positiv Punkten erënneren, déi dobäi erauskomm sinn.

Dat ass d'Clarificatioun op enger Rei Aspekter wéi d'Personnalité juridique unique, wéi d'Integratioun vun der Charte vun de Grondrechter, och méi eng kloer Kompetenzzouuerdnung vun der Kommissioun mat den Nationalstaten, eng Vereinfachung vun den Traitéen, net méi déi dräi Pilieren, mä elo véier Partien. D'Vereinfachung och vun den Instrumenter, wou mer der elo nach just sechs sollen hunn. Dann och d'Extensioun effektiv vun der Majorité qualifiée.

Mir ware virdru bei 84 Fäll, wou d'Unanimitéit nach war. Mir sinn elo erofkomm op 57. A 27 Fäll konnt also d'Majorité qualifiée ageféiert ginn, wou virdrun d'Unanimitéit war. Elo kann een ëmmer soen, dat geet nach net duer, mä et ass awer en effektive Schrëtt no vir an an déi richteg Richtung. A fënnef Fäll sinn och nach Passerellë gebaut ginn, wou een à l'unanimité ka feststellen, datt een awer à la majorité qualifiée kënnt ofstëmmen. Jee, et ass effektiv e Fortschrëtt.

Wichteg fir eis ass och, dass no 2009 d'double majorité net méi festgestallt gëtt duerch dee relativ komplizéierte System vun Nice, mä duerch déi vill méi einfach double majorité, déi mir awer schonn zu Nice, a wann ech soe mir, dann ass et Lëtzebuerg, mä och eng Rei aner Länner, dee Moment scho proposéiert haten, déi awer vun deenen, déi haut soen si wäre gutt a besser Europäer, net konnt ugeholl ginn. Mir haten also d'double majorité schonn deemools proposéiert. Vun 2009 u soll se dann elo kommen, dat ass e positive Punkt.

En anere ganz wichtege positive Punkt ass d'Schafe vun engem europäeschen Ausseminister. Och dat hate mir am BENELUX-Pabeier proposéiert mat dem dueblen Hutt, souwuel Member vun der Kommissioun, wéi eben och enkt Zesummeschaffen am Kader vum Conseil des Ministres. Mat deem Ausseminister kréie mer méi eng grouss Visibilitéit, dat ass ganz sécher, a kann och eng besser Koordinatioun vun deem ganze Spektrum vun den europäesche Relations extérieures gemaach ginn, mat den Instrumenter vun der Kommissioun an eben deene méi politeschen Décisiounen, déi am Kader vun dem Conseil des Ministres ze huele sinn. Hie kann also Brécken tëschent dem Communautairem an dem Intergouvernementalem schloen.

Mir bedaueren, wéi déi meescht, déi haut de Mëtteg hei geschwat hunn, datt an der Politique extérieure awer d'Unanimitéit bäibehale ginn ass, an datt mer do net d'Majorité qualifiée konnten huelen, mä et kann een awer hoffen, datt wéi gesot, duerch d'Schafung vun dem europäeschen Ausseminister hei méi eng grouss Kohesioun a Kohärenz an déi Aarbechte kommen.

Wat och, an ech mengen, do hu mir e ganz grousse Mérite, Lëtzebuerg an d'Memberen, besonnesch déi, déi an der Konventioun geschafft hunn, wou mer verhënnert hunn, datt de Prinzip vun der Egalitéit vun den Etats membres op verschiddene Plazen a Fro gestallt ginn ass. Mir konnten oprecht erhalen, datt en esouwuel an der Kommissioun bliwwen ass, wéi och an der Rotation égalitaire vun de Présidencë vun deene verschiddene Conseils des Ministres. Ech kommen zwar duerno nach dorop zréck, well dat ass awer e Punkt, deen nach net ganz kloer ass, wéi dat da soll décidéiert ginn, mä de Fait, datt de Prinzip vun der Rotation égalitaire ageschriwwe ginn ass, ass awer e positiivt Element.

Dat nämlecht gëllt fir d'Communautarisatioun vun der Justiz an den Affaires intérieures, an d'Clause de solidarité, déi jo och hei begréisst ginn ass, déi méi enk Abannung vun den nationale Parlamenter an d'legislativ Prozedur, déi mir net nëmme begréissen, mä déi mer och gefuerdert hunn, grad ewéi d'Aféierung vun engem Droit de pétition législative.

Eng ganz Rei Saachen, wou mer also absolut kënnen dermat d'accord sinn. Mä, an dat ass eben dee pondéréierte Bléck, deen een op déi Aarbechte muss werfen, et ginn awer och eng Rei Punkte wou een op alle Fall muss versiche Prezisiounen an Erklärungen erbäizeféieren. Do ass zum Beispill d'Method.

Mir wëssen, datt déi drëtt an déi véiert Partie de Moment nach net ofgeschloss ass, datt déi an deenen nächsten zwou Woche wäerten eréischt ofgeschloss ginn. Dir wësst, datt eng Rei masseg Amendementer virleien. An deenen Amendementer stinn, muss ech éierlech soen, grujeleg Saachen. Fir lech nëmmen eng Kostprobe ze ginn. Et ass e franséischen Amendement do, dee seet, majo zukünfteg wann Traitéë gemaach ginn, oder wann Traitéë solle reviséiert ginn a si sollen duerno ratifizéiert ginn, wa bis véier Fënneftel vun de Länner déi Traitéë ratifizéiert hunn, da kann de Conseil zesummekommen, d'Kommissioun kann eng Propositioun maachen, an da sinn déi, déi Schwieregkeeten hunn dat ze ratifizéieren, wou mengt der dann? Et bien, virun der Dier! Dat steet kloer an engem franséischen Amendement, deen dann elo an deenen nächsten Deeg nach soll proposéiert ginn.

***(Interruption)***

Dat ass fir ze weise wéi déif gräifend hei awer Propositiounen um Dësch leien a wou de Moment kee weess wat da mat deenen Amendementer do geschitt. Esou wéi d'Lëtzebuerger Delegatioun, d'Lëtzebuerger Konventionelle jo eng ganz Mass a ganz gutt Amendementer gemaach hunn, mir hätten se alleguerten ënnerschriwwen, well Dir hutt se ënnerschriwwen a mir hu se zesummen ausgeschafft. Dir hutt ganz vill a gutt Propositioune gemaach. Si sinn awer leider net alleguer zréckbehale ginn, souguer déi allerwéinegst sinn zréckbehale ginn. Dräi sinn der zréckbehale ginn, fënnef hallef an hallef, 17 iwwerhaapt net an 31 stinn der nach aus. Dat gëllt de Moment fir déi drëtt a véiert Partie nach ganz, an ech wëll nëmmen heimat ënnersträichen, datt déi Method awer net onbedéngt ëmmer esou transparent ass, wéi een dat vläicht sech géing wënschen.

Dofir, datt dat e Wee war fir méi enk zesummenzeschaffen, d'national Parlamenter mat de Regierungen, dat ass en absolut positive Punkt. Mä ech mengen, och fir d'Zukunft misst een um Niveau vun der Method awer nach munches méi preziséieren.

D'ailleurs, wann ech vu Bedenke geschwat hunn a Prezisiounen, déi misste kommen, dann ass et virun allem um institutionelle Plang. Dat ass jo och hei an der Diskussioun ganz kloer ervirkomm. Firwat wuel? Mä well just um institutionelle Plang déi Manéier, wéi am Ufank am Konvent geschafft ginn ass, dat heescht mat Groupes de travail, wou do, ech huelen emol un, en profondeur a wierklech konnt ausdiskutéiert ginn, a Propositioune gemaach ginn, déi dee Moment an de Präsidium komm sinn, wou do effektiv op ville Punkten ganz gutt an ausféierlech Aarbecht konnt geleescht ginn. Dat war net wouer fir den institutionelle Plang. Do si Propositiounen op den Dësch komm vum President. Ech brauch lech d'Geschicht net ze erzielen, Dir waart derbäi, Dir kennt se besser wéi mir. Am Präsidium selwer ass et mat grousse Schwieregkeeten zu engem halwe Konsens komm, mat Streidereien an der Plénière verbonnen. A wann haut ebe just um Niveau vum Institutionellen sech nach eng Rei Froe stellen, et bien, dann ass et vläicht wéinst där Method, wou d'Konventioun selwer hir eege Method net respektéiert huet.

Wat sinn déi Punkten?. Ech mengen, datt mir net - wann ech soe mir, da schwätzen ech emol am Ufank vun dem Benelux-Pabeier – fir e President vum Conseil européen waren, deen ausserhalb vun dem Conseil géing gewielt ginn, dat ass ganz kloer. Mir haten et kloer an däitlech gesot an och geschriwwen. Dat wat elo virläit ass effektiv e Kompromëss, well an esou engem Konvent muss et schonn zu Kompromësser a Konsense kommen, mä et ass awer net e Kompromëss, deen elo scho glaskloer ass. Well wat d'Funktiounen da wierklech vun deem Mann oder där Fra, deen déi Aufgaben dann do soll iwwerhuelen, solle sinn, déi sinn awer nach net esou kloer a si si virun allem net kloer, wann een dat zesummesetzt mat de Presidencë vun deenen anere Conseils des Ministres. Well do soll jo de Conseil européen décidéiere wéi dann elo déi Presidencë vun dem ECOFIN, vun dem JAI, vun den Affaires étrangères, solle verdeelt ginn.

Dat schéngen also Leit ze gi vu verschiddenen Nationalitéiten, a wou de Conseil eng Kéier eng Propositioun mécht. Wéi schaffen déi dann zesummen? Wie mécht d'Koordinatioun vun deene Presidencen? Dat ka bal nëmmen de President vum Conseil européen sinn. Dat gëtt him also eng vill méi staark Positioun, wéi een éierlech elo seet, datt hien se hätt. Esou datt hei verstoppt an eben Onklorheeten, awer nach Potentialitéiten dra si fir deen dote Posten, deen den Equilibre institutionnel awer méi staark belaascht - ech versiche mech elo ganz diplomatesch auszedrécken –, wéi dat a priori ausgesäit.

Mir wäerten also versichen hei awer Klärungen ze kréien, well fir eis ass den Equilibre institutionnel, souwuel tëschent den Institutiounen, wéi eben och tëschent de Länner wierklech extrem wichteg, wa mer muer déi Kohesioun an déi Legitimitéit wëllen halen, fir déi mer alleguerten antrieden.

En anert Beispill. Et gëtt gesot de Conseil européen besteet aus de Premierministeren. Dat ass an der Rei. Dat ass och elo esou. Just elo steet dran, datt se assistéiert gi vun de Ministres des affaires étrangères. Firwat? Mä well déi am Kader vum Conseil affaires générales de Conseil européen solle virbereeden. De Conseil européen soll och an Zukunft nach virbereet ginn am Conseil affaires générales vu Leit awer, déi an Zukunft net méi onbedéngt sollen derbäi sinn.

Elo kënnt ee soen, och, dat ass en Oubli. Et ass doudsécher keen Oubli. Et kënnt een och nach soen, si wëllen eleng sinn a si wëllen all Kéiers en anere matbréngen. Mä vill méi déif hannendrun ass awer d'Iddi, datt déi Leit, déi déi Aarbechte virbereeden, déi do sollen diskutéiert ginn, net sollen derbäi sinn, a „cui prodest", géing ech da froen, wann ech am Droit pénal wier, mä et profitéiert deen, deen d'Présidence vum Conseil européen huet, well deen eleng huet jo dann d'Koordinatioun an hie weess, an déi aner, déi Premieren, déi do sëtzen, déi ware weder an der Préparatioun, déi hunn déi Diskussiounen net matkritt. A wann ech déi, déi dat do solle virbereeden, vu vireran net wëll derbäi hunn, jo, da muss dat engem notzen, an dat notzt dem President. An domat hu mer den Equiliber nach méi nees a Fro gestallt.

Dofir wäerte mir, an dat huet näischt mat Persounen ze dinn, well dat hei ass jo fir vill méi eng laang Zäit gesi wéi ebe fir eenzel Persounen, derfir antrieden, einfach an enger strikter Logik, mä awer och am Intérêt vum Equilibre institutionnel, datt déi Leit, déi de Conseil européen virbereeden, och sollen derbäi si wann diskutéiert gëtt. Dat nëmme fir eent vun deene Beispiller ze ginn, wou ee wierklech nach kann déi Aarbechten, déi scho gutt gelaf sinn zum Deel, awer wierklech nach verbessere kann, an déi ee souguer muss verbesseren.

Wéi gesot, wéi ass d'Présidence vum COREPER? Wéi ass d'Présidence vum COPS? Wéi gëtt dat alles décidéiert? Do si mer de Moment nach relativ am Onkloren, mä mir wäerte jo do Zäit hunn. Wéi schaffen déi Leit mateneen? Alles dat si Froen, déi gestallt sinn, an dann ass et fir eis ganz kloer, an ech menge mir hunn dat jo oft genuch schonn als Regierung gesot, datt déi sechs Deputéierten, déi mer am Europaparlament hunn, fir eis extrem wichteg sinn.

Mir hunn eis zu Nice ganz vill, awer wierklech ganz haart dofir geschloen an ech gesinn net an ënnert wéi engen Argumenter mer an engem Moment, wou mer dem Europaparlament méi Pouvoir nach wëlle ginn, eis Representatioun do solle méi kleng maachen. Dat kann nëmmen op Käschte vun enger uerdentlecher Representatioun vun deene verschiddene politesche Sensibilitéite goen, an dat kënne mer net ënnerstëtzen. Dofir wäert dat also och e Punkt sinn, wou mer ganz kloer wäerten dofir antrieden, fir datt et bei deem bleift wat mer elo hunn.

Dat war nëmme fir e puer Punkten opzezielen, wou Verbesserungsnoutwendegkeet besteet. Ech wëll zum Schluss nëmmen nach festhalen, nach eng Kéier ënnersträichen, datt déi Aart a Weis, déi mir gewielt haten hei zu Lëtzebuerg, fir dat do ze preparéieren, awer eng ganz positiv, eng ganz konstruktiv war, datt mir als Regierung wierklech versicht hunn eisen Afloss, souwuel um Niveau vum Benelux, mä doriwwer eraus eben och an deenen anere Staten, gelten ze dinn, an och net nëmme mat deene Klengen, mä mir hunn och den Dialog iwwert eben déi verschidde Ministèren och mat de Membres fondateurs, wou bekanntlecherweis jo och déi Grouss sinn, gefiéiert.

Ech mengen, mir konnten also eis Verhandlungspositioun do och zum Ausdrock bréngen an ech kann lech elo scho garantéieren, datt an der Regierungskonferenz, déi dann am Oktober ugeet, mer déi offen Aart a Weis, déi mer ëmmer hei mat der Chamber haten, och wäerten uwenden. Ech hoffen, datt d'Resultat esou schnell wéi méiglech ass, mä awer och esou gutt wéi méiglech. Dat ass nach méi wichteg, datt mer zesumme mat lech dat Resultat kënnen négociéieren an erausschloen.

Ech soen lech am Viraus scho merci fir déi Zesummenaarbecht.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Premier- a Statsminister Jean-Claude Juncker.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert dem Konvent säi Resultat, d'Aart a Weis wéi en zu senge Resultater komm ass an iwwert déi eigentlech Dimensioun vun engem Konsensus ass hei scho vill geschwat ginn, hei an och op anere Plazen, esou dass et bal müsseg ass dat nach duerch weiderféierend Erläuterungen ze ergänzen. Müsseg, net müsseleg.

D'Madame Ausseminister wéi och aner Kolleegen heibannen, haaptsächlech déi, déi am Konvent waren - an deenen ech wëll wierklech merci soen, dat ass net eng Héiflechkeetsformel, fir déi Aarbecht, déi se am Konvent gemaach hunn, déi war ganz gutt a mir hunn och ganz gutt zesummegeschafft -, hunn däitlech gemaach, wat fir Fortschrëtter, dass konnten am Kader vun deene Konventsaarbechte realiséiert ginn. An déi Fortschrëtter hu mer och bei ville Kommentéierungen, déi mer an deene leschte Woche gemaach hunn, ëmmer erëm ervirgehuewen. Dat ass eis ëmsou méi liicht gefall, well awer och net en eenzegt Element derbäi ass, wat d'Lëtzebuerger Regierung net am Virfeld vun der Regierungskonferenz, déi zu Nice op en Enn gaangen ass, ëmmer erëm mentionnéiert huet a verlaangt huet. Et waren aner Regierungen, déi sech mat deene Gedanken net konnten ufrënnen, an et ware virun allem aner national Parlamenter, déi strikt am Virfeld vun der Regierungskonferenz zu Nice alleguer déi Avancéeën do als net kompatibel mat hiren eigentlechen Usiichten ëmmer erëm beschriwwen hunn.

Dofir ass et jo och wéinst deene Blockagen, déi méi parlamentaresch- wéi regierungssäiteg waren, dozou komm fir e Konvent anzeruffen, deen, contrairement zu deem wat Eenzelner hei wahrheitswiddreg behaapt hunn, vun der Lëtzebuerger Regierung vum éischten Dag un, a scho virum éischten Dag un, verlaangt ginn ass, well mer der Meenung waren, dass déi Resultater vun Nice net zilführend wieren an net zilorientéiert genuch wieren. Dir kënnt lech vläicht drun erënneren, dass mer notamment hei op der Tribün däitlech gemaach hu wat un deem Vertrag vun Nice gutt wier a wat un deem Vertrag vun Nice mangelhaft wier, an dass mer wéinst deene mangelhafte Perioden, déi dee Vertrag vun Nice enthalen huet, wierklech der Meenung wieren, dass ee misst eng op d'mannst trilateral zesummegesate Konventioun mat de weideren Aarbechte beoptragen.

Elo sinn ech e bëssen iwwerrascht, dass eenzel Äußerungen, déi ee gemaach huet op esou e staarke Widderhall an der Géigeried hei zu Lëtzebuerg gestouss sinn, notamment wann ee gesot huet vun der Transparenz wiere mer bei dem Aarbechtsoflaf wäit ewech gewiescht a bei der Resultatgebung wäit ewech gewiescht. Wann ech de Mëtteg richteg nogelauschtert hunn, hat ech an deene Stellungnahmen, déi mer an deene leschten Zäiten haten, emol guer net alles dat opgelëscht wat net gutt un deenen Konventsaarbechte war, wat haut de Mëtteg hei alles zesummegedroe ginn ass, also dass ech mech atmosphäresch duerchaus am Renge mat mer selwer fonnt hunn, well déi massiv Oplëschtung vun deene Saachen, déi eigentlech an der Regierungskonferenz misste probéiert ginn an d'Riicht bruecht ze ginn, ass relativ impressionant gewiescht.

Nun ass et esou, dass vill Resultater am Konvent selbstverständlech dat reflétéiere wat de Moment dran ass. An op ville Punkten, wou Kritiknoutwendegkeet besteet, ass och net méi dran. Den Här Fayot, dee jo zu deene gréissten Europaspezialisten hei am Parlament gehéiert a sech och vill…

***(Interruption)***

Ech soen och net de Géigendeel. Jiddefalls kennt den Här Fayot eppes vun deene Saachen an hien huet dat kloer erkannt, well hie sech och atmosphäresch auskennt an Europa. Et sinn op enger Rei vu Punkte keng aner Fortschrëtter méiglech wéi déi, déi hei an de Konventsiddien zesummegedroe gi sinn.

Mä op anere Punkten ass et selbstverständlech esou, dass ee muss virufuere Weeër ze siche wéi een déi Europäesch Unioun kann zukunftsfäeg maachen, well ech behaapten haut an hei, wann et bei deem Text vum Konvent bleift, ass Europa net zukunftsfäeg. Kloer an däitlech beweisbar net zukunftsfäeg. Wann een déi éischt Äußerunge vum Här Giscard d'Estaing liest, nodeem hie President vum Konvent gi war - iwwregens vun der Lëtzebuerger Regierung am éischten Tour vun der Concertatioun net ënnerstëtzt, well mer den Här Wim Kok an den Här Delors ënnerstëtzt hunn, an eréischt op d'Zouriede vum dueblen Exécutif vu Frankräich, deen

huet sech deemools aus zwee Leit zesummegesat, gesot hunn: Okay dann, wann Der gär den Här Giscard d'Estaing hätt, dann huele mer den Här Giscard d'Estaing -, dann ass bal näischt an den essentielle Partië vun dësem Vertrag esou wéi et als eng absolut Noutwendegkeet fir déi europäesch Zukunft beschriwwe ginn ass.

Ech maachen, wann ech de Konvent bëuerteelen, Bémolë par rapport zu der initialer Kritik vum Här Giscard d'Estaing um Nicer Vertrag. Well alles wat hie géint de Vertrag vun Nice gesot huet, stëmmt als Kritik praktesch géint säin eegenen Entworf haut och nach. Mä hien huet effektiv eppes fäerdeg bruecht, nämlech dass hien eng wesentlech Simplificatioun vun der Kategorie vun den europäesche Beschlussfassungsmethoden erbäigefouert huet an hien huet grouss Fortschrëtter fäerdeg bruecht, hien an de Konvent, wat d'Kompetenzkatalogiséierung ubelaangt, déi natierlech bei der éischter Prouf, op déi se gestallt gëtt, an all Richtung zerflitt, mä ëmmerhin ass den intellektuellen Effort do, de kategoriséierenden Effort do, fir d'Zoustännegkeete vun der Europäescher Unioun nei opzeweckelen, an dat halen ech fir e wesentleche Mérite, nieft all deene Punkten déi vun der Madame Ausseminister opgezielt goufen.

Där hir Interventioun huet iwwregens heibanne gewisen, dass iwwerhaapt keng ënnerschiddlech Appréciatioun tëschent dem Ausseminister an dem Premier besteet, wat d'Resultater vum Konvent ubelaangt, wéi dat op liichtfertege Pressekonferenzen heiansdo behaapt gëtt, oder déi hunn net nogelauschtert, oder d'Sprooch huet kee Sënn méi, dat ass jiddefalls ganz genau datselwecht gewiescht wat hei virgedroe ginn ass. Also déi Kriticke muss een asortéieren an d'Realitéit esou wéi se ass, mä awer och moossen un den Usprëch, déi gestallt gi ware fir se richteg kënnen anzeschätzen.

Nieft deene ganz considérable Fortschrëtter, déi erreecht gi sinn an déi een net soll kleng rieden an déi een och net däerf rofmaachen, do sinn ech mam Här Fayot ganz d'accord, a mat deenen anere Kolleegen heibannen och, et däerf een elo net all Element vun deem Konvent erëm eng Kéier duerch all europäesch Gaassen dreiwen, well soss kommen se zimlech zerfatzt aus deene Gaassen eraus. Niewent all deem bleiwen eng Rei Saachen, wou net kloer ass, wat eigentlech d'Saach nom Konvent ass a wat d'Saach soll sinn no der Regierungskonferenz, an ech mengen och, dass an den nationale Parlamenter net iwwer all déi Elementer geschwat ginn ass.

Ech ka mat villem liewen, wat am Konvent zesummegedroe ginn ass, mä ech hätt awer gären, dass mer wëssen, wat mir do décidéieren. Weess dëst Haus, dass an Zukunft d'Reglement 1408, déi wesentlech Deeler vun der Sécurité-sociale-Regel mat qualifizéierter Mehrheet kënnen ofgeännert ginn? Ech weess, wéi mir op Nice gaange sinn, hate mer en Text an d'Täsch kritt, dass dat net dierft geschéien. Dat geschitt elo. Ech sinn domat d'accord, mä et muss een et just wëssen.

Den Här Gibéryen huet hei drop opmierksam gemaach, dass wat d'Auslännerwahlrecht bei den Europaparlamentswahlen a bei de Gemengewahlen ubelaangt, elo an den Text geschriwwe gëtt, dass dat no gläiche Rechter, no gläiche Flichte géif geschéien, an dass domat déi Sonderbestëmmungen, déi Lëtzebuerg huet, ewechfalen. Weess d'Parlament dat? Ech sinn domat d'accord, mä dofir sinn ech net domat d'accord, dass am drëtten Deel vum Vertrag, dat huet den Här Gibéryen net virgeluecht kritt, wéi de Konvent seng Aarbechten ofgeschloss huet, erëm dra steet, nodeem dee grousse Prinzip do genannt ginn ass, d'Modalitéite kéinte selbstverständlech à l'unanimité vum Ministerrot adaptéiert ginn, dat heescht am drëtten Deel, deen dem Konvent net virloung, wéi en applaudéiert huet, gëtt dee grousse Prinzip, deen eng reell Avance gewiescht wär, erëm ofgeschaaft, esou dass mer net wëssen, wat dann elo zielt. Wann dat am drëtten Deel net zielt, dann den éischten Deel, oder wann dat am éischten Deel anescht gemaach gëtt an der Regierungskonferenz, wat geschitt dann am drëtten Deel?

Déi Onklorheete si besonnesch däitlech am institutionelle Beräich. Wat net kloer ass, dat ass jo net hell. A wat net hell ass, dat ass däischter. An déi Zëmmeren an deenen et däischter ass, déi nennt een eng Dunkelkammer. An an där Dunkelkammer läit ee Film, an do hunn Der 105 geknipst, an déi mengen do wär déi Foto drop vun deem Objet, dee si geknipst hätten, an ech soen Iech, wann dee Film entwéckelt gëtt, da si ganz aner Biller ze gesi wéi déi mengen, dass drop wären, déi déi Fotoe gemaach hunn.

De Conseil européen kritt elo e President. Elo hunn eis Konventmitglieder et fäerdeg bruecht, déi aner, déi megaloman Virstellung vum Här Giscard d'Estaing zurechtzestutzen, deen e richteg groussen heavy President do wollt maache mat zwee Vizepresidenten a mat engem Apparat. Dat ass fort. Mä dat wat kloer war bis elo, nämlech dass all sechs Méint en anert Land géif alles presidéieren, dat war och transparent, an dat ass ofgeschaaft ginn. Wat amplaz kënnt, dat weess keen. Elo kann een ëmmer soe bravo, bravo, mä et ka kee mer soen, wat fir eng Formatioun vum Conseil an der Europäescher Unioun den 1. Januar 2006 presidéiert. Wann alles géif bleiwe wéi et ass, weess ech, dat ass Éisträich. Wa mer elo dee Konventspabeier hei kucken, an och wann en net geännert gëtt - Resultat vun der Regierungskonferenz - ka kee soen, wat e Vertrag, deen den 1. Januar 2006 a Kraaft trëtt, wat deen als Konsequenz huet fir den Exercice vun der Presidentschaft.

Do steet, dass dat géif geschéien no folgende Methoden: De Conseil européen, deen eng Institutioun gëtt, wougéint all Lëtzebuerger ëmmer war, stellt fest, mat 25 Premieren ronderëm den Dësch, a wann et no eis geet och mat 25 Ausseministeren ronderëm den Dësch, à l'unanimité, wéi elo déi Presidentschaft vun deene verschiddene Conseilen organiséiert gëtt. Dat mécht en andeems en dem politesche geographeschen Equiliber Rechnung dréit an andeems en op d'Diversitéit vun den Etats membres kuckt.

Elo kënne mer emol e Concours veranstalten, wann dat esou kloer ass, wat dat heescht, wat jiddfereen dorënner versteet ënner deem Equilibre politique géographique, ënnert der Diversitéit vun den Etats membres. Wann ee wëllt eng Présidence à rotation égalitaire hunn, onofhängeg wéi se am Detail ausgesäit, da muss ee jo op d'laang Siicht gesinn, wie wéini wat mécht. Wou wësse mer dann op laang Siicht wat fir eng politesch Equiliberen Europa am Joer 2028 huet? Ech verstinn et jiddefalls net, wat dat heescht, an ech versti virun allem net wat heescht „diversité des Etats membres".

Ech verstinn et besser, wann ech den Här Giscard d'Estaing sengen Explikatiounen nogelauschtert hunn am Conseil européen zu Thessaloniki - ähnlech Dispositioune si bei der Kommissioun virgesinn -, wou hien dat esou kommentéiert huet, dass hie gesot huet et misst selbstverständlech dem Eventail démographique et géographique vun den Etats membres vun der Union européenne Rechnung gedroe ginn. Do wéisst ech dann erëm gären, wat heescht dat? An dann dierf ee sech net excitéieren a sech schwaach fale loossen, wann ee seet et géif ee gäre genau wësse wat dat doten ass. Ech fannen, wa mer schonn d'Leit hei an engem Referendum froen, wou d'Richtung soll higoen, da muss een och deene Leit kënne Froe beäntwerten.

Wéi mer dat am Conseil européen diskutéiert hunn a wou 12 Premiere gesot hunn, si wäre mat all deem net d'accord, - loosst Iech net beandrocken duerch dem Här Giscard d'Estaing seng Pressekonferenzen, an enger Sitzung hutt Dir jo selwer erlieft, dass hien no baussen net dat duergestallt huet, wat Dir dobanne gesot hutt - vun deene soen der dräi, et wär en Team President, dat heescht e puer Länner géife mateneen d'Présidence maachen. Anerer soen neen, neen, dat wier eng Presidentschaft, wéi mir se ëmmer haten. An anerer soen neen, dat ass et och net, et ass an all Conseil een aus enger anerer Natioun, deen do presidéiert an engem System, dee schéin dréint opgrond vun enger Rei vu Prinzipien.

D'Leit hu Biller geschoss, mä wat op deem Film ass, dat wëssen déi net, déi fotografiéiert hunn, an déi wäerte sech wonneren, wann dee Film hei entwéckelt ass, an dofir sinn dat Froen, déi bei der Regierungskonferenz do einfach mussen nach eng Kéier op den Dësch vum Haus kommen.

Elo ass eng grouss Geschicht amgaang, wéi dat da soll goe mam President vum Conseil européen. Do ware mer ëmmer dogéint, dass de Conseil européen, den Europäesche Rot, sollt ee President kréien, well mer gesot hunn dat mécht „Tür und Tor" op fir d'Dérive intergouvernementale, et sollen nach just d'Regierunge sinn, déi décidéieren. Dunn ass dat am Konvent e bëssen ëmgedréint ginn. Dee kritt keen Apparat. E kritt keng Vizepresidenten, e kritt keng Méiglechkeet an déi aner Formatioune vun de Conseilen, do wou d'Musik gemaach gëtt, do wou d'Gesetzer gemaach ginn, anzegräifen. E gëtt elo laut Konvent ausserhalb vum Europäesche Conseil gewielt. Dat heescht, en Has-been oder e Maybe gëtt President vum Conseil européen, also een, deen net méi an der nationaler Regierungsverantwortung steet. Dogéint hu mir eis gewiert, an dat hunn ech eng Zäit laang gesot. Ech froen haut, ob een nach soll virufueren dat ze soen, wann ech feststellen, dass hei am Haus ewell d'Meenung ass, dass et soll en haaptamtleche President sinn.

Den 13. Februar huet d'Chamber gesot: «La Chambre rejette l'idée d'une Présidence du Conseil européen choisie en dehors du Conseil». Dat ass e Rejet sans appel. Déi dräi Benelux-Regierungen hunn an hirem Pabeier gesot: «En aucun cas les trois Gouvernements du Benelux ne sauraient accepter un président élu hors du Conseil européen». Dat plädéiere mir quietschfidel, an da schreift all Mënsch heiheem, mat Ausnahm vum Pefferkär, well dat déi eenzeg Zeitung an der Welt ass, déi weess, dass ech guer keng Chance hu fir eng europäesch Positioun,…

***(Interruption)***

Dat ass, well Dir esou u mir hänkt, dat verstinn ech ganz gutt.

…an elo kënnt dann déi Rumeur op, de Lëtzebuerger Premier wéilt President von deem Conseil ginn, well de Lëtzebuerger Premier plädéiert eppes, wat d'Lëtzebuerger Parlament gesot huet, plädéiert eppes, wat déi dräi Benelux-Regierunge gesot hunn, hie plädéiert eppes, wat och den Här Fayot nach fënnef Deeg nom Konvent an extrem frëndleche Wierder, souwuel op der Televisioun wéi op Radio Lëtzebuerg gesot huet, andeem hie gesot huet, hie wär der Meenung, dass een de Conseil européen soll sech selwer organiséiere loossen, an dass een déi Incompatibilitéit tëschent nationalem Mandat an europäeschem Mandat soll eraushuelen. Den Här Asselborn huet eis virun e puer Deeg matgedeelt, d'sozialistesch Partei wär der Meenung, dat duebelt Mandat kënnt et net ginn.

Ech sinn dem Här Fayot senger Meenung, an ech mengen, et soll een hei net virun den Innenpolitiker abriechen, wann et ëm wichteg europäesch Froe geet, well wann een an där Fro hei e President vum Conseil européen vu baussen hëlt, a wann een d'Présidence vun deenen eenzelne Fachconseilen net geregelt huet, a wann ee par ailleurs feststellt, dass de President vun der Kommissioun an der Représentation extérieure vun der Union européenne iwwerhaapt keng Bedeitung méi huet, wann ee par ailleurs weess, dass d'Ausseministeren erauskatapultéiert ginn aus dem Conseil européen, obscho se laut Konvent de Conseil européen virbereeden a seng Décisiounen implementéieren, ass et ganz evident, dass eng Persoun mat e bëssen Talent, wann hien net en nationaalt Mandat huet, en Alleinherrscher gëtt oder een, dee guer näischt ze soen huet.

An deenen zwee Fäll funktionéiert d'europäesch Machinerie net, mä wann et awer déi einheimesch Opfaassung ass, aus Gott weess wat fir engen Iwwerleeungen eraus, dass mer dat solle lafe loossen, da musst Dir eis dat kloer soen, da loosse mer dat lafen, wann all déi aner Länner och domat kënne liewen, mä ech soen Iech, dass dat doten eng Form vu Regéieren an Europa gëtt, déi net geet, well dann ass keng Chaîne de commandement méi do.

Haut gëtt d'Presidentschaft gemaach vun enger Regierung. De Premier vun där Regierung ka senge Ministeren an den eenzelne Fachconseile soen, bis dann an da geschitt dat an dat, an ech hätt gären, dass dat esou an esou géif gemaach ginn, esou wéi mir dat zu Lëtzebuerg an alle gudde Présidencen ëmmer gemaach hunn.

Mä den Här Aznar, wann en net méi spuenesche Premier ass, oder den Här Blair, wann en net méi englesche Premier ass, deen da Président élu vum Conseil européen ass, ouni Zougréff op iergendeng Formatioun vum Conseil européen, do wou d'Gesetzer am Prinzip gemaach ginn, wéi soll deen dann dee Buttek do beieneen halen? D'Représentation extérieure gëtt assuréiert vum President vum Conseil européen, pour ce qui le concerne, vum Ausseminister, pour ce qui le concerne, a vun der Kommissioun, net vum Kommissiounspresident, do wou se Attributiounen huet, dat heescht beispillsweis vum Aussenhandelskommissär. Mengt Der, dat géif der Obligatioun, déi déi vum Konvent war, fir fir méi Visibilitéit no baussen ze suergen, wierklech op d'Spréng hëllefen? Ëmsou méi wou déi Fro, wien d'Eurozon da soll no bausse representéieren, och net heiranner gekläert gëtt, mä op spéiderhin an eng Décisioun vum Conseil européen verwise gëtt.

Wat ech domat wëll soen, soen ech virun allem dem Här Fayot, dee mäin Estime fir hie kennt an europäesche Saachen, a bei deem ech mech och fir munche gudde Rot bedanken - grad ewéi och beim Här Helminger -: Dat musse mer klären an déi Froe stellen. Dat ass net sech elo géint dat gesamt Konventsresultat do ausspriechen. Dat si ganz reell Froen. Ech si Chef vun enger Regierung. Ech liesen hei - mech huet ni een dat gefrot. Ni! Dat ass zum Schluss agefiddert gi wéi d'Begeeschterung schonn amgaang war ze kommen -, dass déi eenzel Fachministeren nach däerfen diskutéieren, sech mat hire Kolleegen ënnerhalen, mä dass ofstëmmen nëmmen d'Ausseministeren däerfen.

Mengt Der da wierklech, e Finanzminister, e Wirtschaftsminister oder en Transportminister géif sech dat an Europa gefale loossen, fir do a Schnëssronnen ze goen, a wann et ëm d'Saaft geet, de Mond mussen ze halen? Dat ass jo eng Invitatioun zur Déresponsabiliséierung vun den nationale Ministeren, wann een esou eppes programméiert.

Da steet do, de Conseil européen, wann en taagt, kënnt eenzel Ministere bäizéien. Dat ass also dat totaalt Intergouvernementaalt. Deen arme President vum Conseil européen, dee bausse gewielt gëtt, dee kënnt aus dem Staunen net eraus, wann e gesäit wat fir eng Prëssessioun a wat fir ee Cortège sech duerch déi Säll do beweegt, well bei all Dagesuerdnungspunkt aner Leit erakommen. Deen, deen de Conseil „Affaires générales" presidéiert, an deen zwanzeg Punkten um Ordre du jour huet, iwwert déi soll ofgestëmmt ginn a Schlussdélibératioune virgeholl ginn, deem drëpse jo d'Aen, wann e 25-mol véier Ministeren do komme gesäit.

Mengt Der wierklech, e Finanzminister, dee méindes zu Bréissel iwwer Steiere schwätzt, dee géif sech soe loosse wann ofgestëmmt gëtt: Kënns De den nächste Freideg erëm, well dann tagen hei d'Ausseministeren, dann däerfs De d'Hand hiewen? Dat ass jo onrealistesch.

Onrealistesch ass et och sech virzestellen, all Regierung géif dräi Nimm nennen, fir dass d'Kommissäre vum Kommissiounspresident kënnen erausgewielt ginn, compte tenu vun den Equilibres géographiques a vun der Diversitéit vun den Etats membres. Solle mer emol eng Kéier kucke wat fir eng dräi Lëtzebuerger Ministere mer beispillsweis fannen, fir sech op esou eng Lëscht setzen ze loossen? Da geet de President kucken, ob en een dovu ka gebrauchen. Ech géif dee gäre gesinn, wann en erëm hei erakënnt an en ass net geholl ginn.

Also, total onrealistesch, Dunkelkammer total, wann et ëm déi institutionell Froe geet an dofir mussen déi institutionell Froe klarifizéiert ginn, fir dass d'Europäesch Unioun zu 25, zu 27, zu 30 an zu 32 ka fonctionnéieren. Dat musse mer probéieren; dat ass méi schwéier ginn duerch de Konvent. Déi Froe musse gekläert ginn, grad wéi ech och der Meenung sinn, dass Eenzelnes, wat d'Madame Err hei virgedroen huet, och eng gesondert Betruechtung fënnt am weidere Verlaf vun där Regierungskonferenz, woubäi ech mer och net all Illusiounen doriwwer maachen.

An dann hätt ech wierklech gären, ier mer an déi Schlussronn vun där Regierungskonferenz ginn, datt d'Chamber kloer zum Ausdrock bréngt wéi si da mengt dass an Zukunft solle Verträg modifizéiert ginn. Dat wat de Konvent virleien huet, dat ass, dass, wa 4/5 vun de State ratifizéiert hunn, an 1/5 - oder manner - nach net, dass dann de Conseil européen sech mat der Fro befaasst. Esou steet et am Text vum Konvent. Do ass also schonn de Prinzip vun der Zoustëmmung vun allen nationale Parlamenter zur Vertrags- an zur Verfassungsännerung net méi dran.

D'franséisch Regierung - d'Madame Polfer huet dat gesot - erkläert elo wat den Här Giscard d'Estaing wollt soen, wéi esou dacks schonn, a seet: Jo, wann de Conseil européen zesummekënnt, da freet e sech net: Wat kënne mer fir Iech maachen? Dann diskutéiert en d'Modalités du retrait vun deenen, déi d'Verfassungsofännerung net gestëmmt hunn. Ass dat d'Revaloriséierung vum nationale Parlament? Et ass jo vu virera gesot ginn: Egal wat en nationaalt Parlament seet, wann 1/5, oder ee vun deene 25 oder 30 nationale Parlamenter net Jo seet, da gëtt driwwer diskutéiert wéi dat Land sech soll aus der Europäescher Unioun zréckzéien.

War dat jiddferengem kloer wéi d'Resultater vum Konvent um Dësch waren? An ass et net verständlech, dass een heiansdo emol aus der Këscht sprëngt fir ze soen: Loosst mer emol kucke wat do effektiv am Detail drasteet, fir dat lues a lues kënnen an eng Form ze bréngen, déi gutt ass? Dat ännert iwwerhaapt näischt drun,

dass ech fannen, dass dee Konvent eng gutt Saach ass, eng gutt Aarbecht gemaach huet, plazeweis méi transparent, mä plazeweis och méi intransparent geschafft huet wéi eng Regierungskonferenz. Dat ännert näischt drun, dass ech mengen, dass déi Regierungskonferenz déi Haaptfunktiounen, déi de Konvent gesicht huet an déi Haaptträger, déi de Konvent geluecht huet, net erëm sollt un d'Wackele bréngen.

Mä dass mer eis awer asetzen, dass mer op enger gemeinsamer Sécherheets- an Aussepolitik mat Majoritéit stëmmen, mengen ech awer, dat wier nach ëmmer e gemeinsame Lëtzebuerger Wëllen. Dass mer nofroe wat dat dann heescht an der véierter Partie, dass a Froe vun der Evasion fiscale an illégale soll mat qualifizéierter Majoritéit ofgestëmmt ginn. Ech hu bekanntlech näischt dergéint. Ech weess just net wat dat ass, Evasion illégale, well ech kenne keng Evasion fiscale légale.

Ech géif just gäre verstoen, wourënner dass ee supposéiert ass säin Numm ze setzen, an dofir mengen ech, dass ganz vill Klarifizéierendes nach muss an deenen nächste Wochen an an deenen nächste Méint geschéien. An esou wéi mer an deene leschte Méint gutt zesumme geschafft hunn, sinn ech och iwwerzeegt, dass mer och an deenen nächste Wochen a Méint, och wa mer bäi wäitem net alles kënnen erreechen, dat solle maachen. Well ech hunn awer fonnt, dass déi Aart a Weis wéi hei Deputéierten, Ministeren a Beamten, déi jo awer dat Essentiellt vun der Aarbecht hei geleescht hunn, egal wéi romantiséierend dass een dat elo hei revisitéiere geet, dass déi grad esou gutt virufueren hir Aarbecht ze maache wéi se dat an der Vergaangenheet gemaach hunn.

Dofir: Jo zur Konventioun, mä do wou mer se net verstinn, géife mer se gäre verstoe léieren.

Merci.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen an d'Resolutiounen, déi abruecht gi sinn. D'Motioune si verdeelt ginn. Et huet jiddfereen d'Ënnerlage virun sech leien. Si sinn och explizéiert ginn, esou datt ech mengen, dass mer direkt zur Ofstëmmung kënnen iwwergoen.

***Motions et Résolution***

Mir fänken dann u mat der Motioun N° 1, déi abruecht ass gi vum Här Ben Fayot.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Xavier Bettel), MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Théo Stendebach), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux Stehres);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Da komme mer zur Motioun 2 vun der Mme Renée Wagener.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 38 Stëmme géint 6 an 13 Abstentioune verworf.

*Ont voté oui: MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Jean-Marie Halsddorf), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn (par M. Mars Di Bartolomeo), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké).*

An da komme mer zur Motioun N° 3, och vun der Madame Renée Wagener.

***Vote***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 3 ass mat 35 Nee-Stëmme géint 25 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Jacques-Yves Henckes.*

Mir kommen elo zum Vote iwwert d'Resolutioun, déi vum Här Ben Fayot abruecht ginn ass.

***Vote***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Resolutioun 1 ass mat 54 Jo-Stëmmen a 5 Enthalungen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Xavier Bettel), MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Claude Meisch), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg a fänkt um 14.30 Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 19.06 heures)***

**Chambre des Députés**
**Compte rendu officiel**

***Supplément commun aux quotidiens:***
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

***Contenu rédactionnel:***
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

***Conception, saisie de texte et mise en page:***
Polygraphic SA, Luxembourg

***Concept et coordination générale:***
media brain, agence en communication, Luxembourg



## Sommaire des séances publiques

Communication page 741
Heure d'actualité au sujet des délais des procès en matière pénale (débat demandé par le groupe LSAP) pages 741-744
Question avec débat N° 29 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la libéralisation du marché des télécommunications;
Question avec débat N° 30 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la libéralisation du marché du gaz
et
Question avec débat N° 31 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la libéralisation du marché de l'électricité pages 744-746
4991 - Projet de loi portant modification de certains articles du code pénal pages 746-748
5072 - Projet de loi portant
1. modification de l'article 46 et de l'article 56-2 de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire, et
2. introduction des articles 37-2 et 78-2 dans la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif pages 748-749
Communications page 749
Ordre du jour page 749
Dépôt de deux propositions de loi pages 749-750
Heure de questions au Gouvernement:
- Question N° 306 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Laurent Mosar au sujet du statut et du fonctionnement de la société coopérative "Spidolswäscherei", adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 750
- Question N° 307 du 16 juin 2003 de Monsieur le Député Jeannot Krecké au sujet des conclusions des groupes de travail issus de la table ronde sur les pensions de l'année 2001, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 750
- Question N° 308 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Gusty Graas au sujet de l'interruption de l'alimentation en eau potable du réservoir principal à Eschdorf à partir de la station de traitement à Esch-sur-Sûre, adressée au Ministre de l'Intérieur page 750
- Question N° 309 du 16 juin 2003 de Madame la Députée Renée Wagener au sujet des retours des demandeurs d'asile déboutés, adressée au Ministre de la Justice pages 750-751
- Question N° 310 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Marco Schank au sujet de la stratégie gouvernementale en matière de réduction des émissions à effet de serre, adressée au Ministre de l'Environnement page 751
- Question N° 311 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Alex Bodry au sujet du prochain sommet de la Grande Région, adressée au Ministre de l'Intérieur page 751
- Question N° 312 du 17 juin 2003 de Madame la Députée Maggy Nagel au sujet du financement des installations du Syndicat intercommunal pour la collecte, l'évacuation et l'élimination des ordures ménagères et industrielles (SIGRE) en provenance des communes de la région de Grevenmacher, Remich et Echternach, adressée au Ministre de l'Intérieur page 752
- Question N° 313 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Jean Huss au sujet du conflit social entre l'Entente des Hôpitaux Luxembourgeois et les syndicats du secteur santé, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 752
- Question N° 314 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Patrick Santer au sujet des problèmes juridiques se posant au niveau de la création d'un lieu d'injection (Fixerstuff), adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 752
- Question N° 315 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Ben Fayot au sujet des résultats de la récente enquête Eurobaromètre sur les attitudes vis-à-vis de la discrimination, adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse pages 752-753
- Question N° 316 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Ben Fayot au sujet du projet de Constitution élaboré par la Convention sur l'avenir de l'Europe, adressée au Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur page 753
- Question N° 317 du 17 juin 2003 de Monsieur le Député Jos Scheuer au sujet du problème des surqualifications de nombreux candidats à l'examen-concours pour l'admission au stage dans la fonction publique, adressée au Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative pages 753-754
5105 - Projet de loi relatif à l'adhésion du Luxembourg à la Banque Asiatique de Développement pages 754-755
5073 - Projet de loi modifiant la loi du 21 juin 1999 autorisant l'Etat à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers pages 755-761
Ordre du jour page 761
Communications pages 761-762
5083 - Projet de loi sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2001 pages 762-765
pages 768-769
Dépôt d'un projet de loi page 764
5122 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée pages 765-768
4807 - Projet de loi portant modification de la loi du 2 septembre 1993 créant les conditions requises pour l'application
1. de la loi modifiée du 17 juin 1970 concernant les pratiques commerciales restrictives
2. du règlement n° 17 du Conseil de la Communauté européenne du 6 février 1962, pris en exécution des articles 85 et 86 du Traité de Rome
3. du règlement (CEE) n° 4064/89 du 21 décembre 1989 relatif au contrôle des opérations de concentration entre entreprises page 769
4997 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux sur les marques, signé à Bruxelles, le 11 décembre 2001 pages 769-770
Communications page 770
Octroi de l'honorariat de ses fonctions à M. Ady Jung page 770
Ordre du jour page 770
Dépôt d'une proposition de loi page 770
Débat d'orientation relatif au document final retenu par la Convention sur l'avenir de l'Europe
et
Résolution du groupe LSAP relative à la tenue d'un référendum sur un futur Traité instituant une Constitution européenne pages 770-784

# QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

**COMPTE RENDU N° 18 / 2002-2003**

## Sommaire des questions parlementaires


| Question N° | Auteur | Objet |
|---|---|---|
| 2121bis | Jean Huss | Implantation du nouveau Laboratoire National de Santé à Dudelange |
| 2159 | Emile Calmes | Statistiques quant aux causes des faillites |
| 2170 | Patrick Santer | Adoption des normes comptables internationales IAS dans le gouvernement d'entreprise |
| 2183 | Ben Fayot | Construction d'un axe tangentiel de grande voirie à l'ouest de Cessange |
| 2189 | Gast Gibéryen | Promotion du francique luxembourgeois |
| 2190 | Gusty Graas | Policiers en mission de maintien de la paix ou d'observation à l'étranger |
| 2191 | Laurent Mosar | Directive européenne "Télévision sans frontières" |
| 2193 | Robert Garcia | Décompte du loyer et des charges locatives par le Fonds pour le développement du logement |
| 2194 | François Bausch | Protection des intérêts financiers des Communautés (accusations en rapport avec Eurostat) |
| 2195 | François Bausch | Etat d'avancement de l'enquête Perry-Lux |
| 2196 | Aly Jaerling | Cours d'entraînement pour motards policiers |
| 2198 | Jacques-Yves Henckes | Heures d'ouverture du greffe |
| 2203 | Marc Zanussi | Energie électrique écologique |
| 2206 | François Bausch | Représentation des citoyens au Parlement européen |
| 2208 | Alex Bodry | Institution du Conseil supérieur du Développement durable |
| 2209 | Marco Schank | Troisième phase de l'harmonisation de l'enseignement musical |
| 2210 | Ben Fayot | Circuit culturel interdisciplinaire sur le site du Fond de Gras |
| 2213 | Camille Gira | Assainissement du site industriel de la société Electrolux à Vianden |
| 2218 | Jacques-Yves Henckes | Critères de l'affectation des inspecteurs de l'enseignement primaire |
| 2219 | Jacques-Yves Henckes | Avenir du Fort Thüngen |
| 2220 | Gast Gibéryen | Actions en faveur des ménages sinistrés par les orages de juin 2003 |
| 2221 | Jacques-Yves Henckes | Informations aux demandeurs de la nationalité luxembourgeoise |
| 2229 | Laurent Mosar | Fonctionnement de la société "Spidolswäscherei" |
| 2238 urgente | Robert Garcia | Homologation obligatoire des diplômes de fin d'études secondaires luxembourgeois exigée pour les étudiants du Luxembourg en Belgique francophone |


Question 2121bis (3.6.2003) de M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)* concernant l'implantation du nouveau Laboratoire National de Santé à Dudelange:

En référence à ma question parlementaire N°2121 sur l'état d'avancement du projet du nouveau Laboratoire National de Santé (LNS) et à la réponse de M. le Ministre de la Santé *(cf compte rendu N° 16/2002-2003)*, je me permets de demander les renseignements supplémentaires suivants au Gouvernement:

- Quels sont l'objectif et la composition de la «Commission d'analyse critique», évoquée par M. le Ministre?

- Quelle est l'influence potentielle de cette «analyse critique» sur le dossier et le calendrier prévu de la phase 1?

- D'après la réponse de M. le Ministre, le dépôt du projet de loi relative à la phase 1 est «imminent». Afin de clarifier le calendrier, je désire savoir si cette «imminence» de dépôt se calcule en jours, en semaines ou en mois?

Réponse (30.6.2003) de Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics:*

1. La création de la Commission d'analyse critique remonte à la décision du Conseil de Gouvernement du 18 novembre 1994 concernant le planning analytique pour le développement des projets d'infrastructure de grande envergure.

La Commission d'analyse critique s'est mise à fonctionner dès 1995.

La mission de cette commission consiste à soumettre à un examen critique le programme de construction et la conception des projets à réaliser dans le cadre de la programmation pluriannuelle arrêtée par le Conseil de Gouvernement pour en assurer la compatibilité avec la politique des finances publiques.

La Commission d'analyse critique est un organe consultatif qui ne prend aucune décision, mais qui peut donner des avis.

La Commission d'analyse critique est composée de membres permanents, à savoir d'un délégué du Ministère des Travaux publics qui assume le rôle de président, d'un délégué de l'administration des Bâtiments publics, ainsi que d'un délégué de l'Inspection générale des Finances (compétent pour le département des Travaux publics).

La commission est complétée de cas en cas par le représentant du département ministériel demandeur, le représentant de l'utilisateur ainsi que par le représentant de l'Inspection générale des Finances compétent pour le département demandeur concerné.

2. Comme déjà évoqué ci-dessus, la Commission d'analyse critique ne peut donner que des avis, qui ne sont pas contraignants. Il appartient au responsable politique d'en tenir compte ou non.

Pour un dossier en discussion depuis des années à l'instar de la phase 1 du projet LNS, l'influence de la Commission d'analyse critique sur le calendrier peut être considérée comme négligeable.

3. L'imminence du dépôt du projet de loi relative à la phase 1 peut être calculée en semaines.

Question 2159 (25.4.2003) de M. Emile Calmes *(DP)* concernant les statistiques quant aux causes des faillites:

Dans son édition du 11 avril de cette année, le quotidien financier belge L'Echo fait mention d'une enquête menée par l'Union des Juges Consulaires de Belgique (en collaboration avec Graydon Belgium) concernant les causes des faillites en Belgique. L'enquête, menée sur un échantillon de 6.000 faillites, révèle que la cause principale de la mort d'une entreprise réside principalement en sa mauvaise gestion. D'autres éléments tels un capital insuffisant, les circonstances économiques mais aussi et surtout la fraude, sont également mentionnés.

L'enquête permet non seulement de se faire une idée globale sur les causes des faillites, mais aussi du fonctionnement des chambres d'enquête commerciale au sein des tribunaux de commerce belges. Ainsi, plus de 70% des juges consulaires belges sont d'avis qu'une action préventive plus énergique de la part de la chambre d'enquête aurait permis d'éviter la faillite.

J'aimerais dès lors poser les questions suivantes à M. le Ministre de la Justice:

- M. le Ministre dispose-t-il de statistiques sur les causes des faillites au Luxembourg?

**Q 102**

- Est-ce qu'une enquête du type de celle réalisée par l'UJCB serait envisageable au Grand-Duché?

Réponse (3.7.2003) de M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice:*

Il n'existe pas à l'heure actuelle de statistiques précises sur les causes des faillites au Luxembourg. Un examen des sociétés déclarées en faillite effectué par le Ministère de la Justice en 1992 a montré que de nombreuses sociétés déclarées en faillite disposaient d'un capital peu élevé situé entre 0 et 50.000 euros et qu'un grand nombre de faillites intervient dans les six premières années d'existence de l'entreprise. Les causes des faillites, examinées également dans le cadre des différents projets de loi visant à prévenir les faillites, sont diverses: elles peuvent être notamment liées à l'incapacité professionnelle de certains dirigeants, la situation et l'évolution des marchés, la trésorerie insuffisante des entreprises, l'évolution et l'absence de prévision suffisante des frais généraux, la mauvaise gestion de l'entreprise. L'informatisation du Registre de Commerce commencée en février 2003 et la mise en place en 2005 d'une centrale des bilans devrait permettre de mettre en place un instrument d'analyse systématique des entreprises en faillites qui permettra de mieux appréhender le phénomène des faillites.

Dans ces circonstances, il n'est donc pas envisagé de faire une enquête du type de celle réalisée par l'UJCB. Il convient toutefois de relever que le parquet remet déjà aujourd'hui lors de chaque faillite un questionnaire au curateur désigné par le tribunal qui permet de collecter un certain nombre d'informations liées à la faillite. Ce questionnaire doit faciliter l'analyse des faillites sur un plan individuel. Cette pratique du questionnaire trouve une base légale renforcée dans le cadre du projet de loi N°5157 portant des mesures ponctuelles en matière de prévention des faillites et de lutte contre les faillites organisées qui vient modifier l'article 494 du code de commerce qui a été déposé le 19 mai 2003 à la Chambre.

Question 2170 (6.5.2003) de M. Patrick Santer *(CSV)* concernant l'adoption des normes comptables internationales IAS dans le gouvernement d'entreprise:

Certains des plus retentissants scandales financiers (Enron, Worldcom, Vivendi) ont eu lieu ces dernières années. Les pratiques comptables mises à jour à ces occasions ont eu des répercussions terribles sur des milliers de salariés et de petits porteurs qui, presque du jour au lendemain, se sont vus ruinés.

Ces scandales „sont à l'origine d'une grave crise de confiance dans l'essence même de l'économie de marché: la qualité du gouvernement des entreprises et la fiabilité des comptes qui sont le lien entre la réalité de l'entreprise et les actionnaires, institutionnels ou individuels" (rapport Bouton «Pour un meilleur gouvernement des entreprises cotées», 23 septembre 2002).

La conséquence fut une réflexion approfondie menée dans plusieurs Etats tendant à préciser en détail les règles comptables et à réglementer le gouvernement d'entreprise et notamment à renforcer l'indépendance des commissaires aux comptes. Les Etats-Unis sont allés très loin en la matière (Sarbane Oxley Act). Le Parlement néerlandais vient d'entamer une réflexion approfondie sur le gouvernement d'entreprise. Le Gouvernement français a annoncé une initiative dans cette direction qui serait incluse dans le projet de loi sur la sécurité financière.

Est-ce que Monsieur le Ministre peut me renseigner sur les initiatives que le Gouvernement entend prendre au sujet du gouvernement d'entreprise touchant notamment, mais peut-être pas exclusivement, les sociétés cotées?

Dans l'affirmative, le Gouvernement estime-t-il que l'auto-régulation des marchés a touché à ses limites et qu'une réglementation du gouvernement d'entreprise, pour être efficace, ne peut émaner que de l'Etat?

Ne devrait-on pas envisager des initiatives au niveau européen pour réglementer le gouvernement d'entreprise de manière harmonisée, outre l'adoption des normes IAS, obligations à compter du 1er janvier 2005 (règlement 1606/2002/CE)?

Réponse (30.6.2003) de M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget:*

Dans le domaine du gouvernement d'entreprise, le Gouvernement estime qu'il y a lieu de privilégier l'auto-régulation des marchés, mais qu'il incombe en même temps aux Etats d'intervenir là où l'auto-régulation est insuffisante ou lorsqu'il y a lieu d'assurer la confiance des investisseurs dans les marchés de capitaux.

Le Gouvernement luxembourgeois souhaite une approche européenne en la matière. Il suivra de près les travaux sur le plan d'action que la Commission européenne vient de publier sur ce sujet et dont les principaux objectifs sont le renforcement des droits des actionnaires, la protection des salariés et des créanciers, ainsi que l'amélioration de l'efficacité et de la compétitivité des entreprises.

Question 2183 (13.5.2003) de M. Ben Fayot *(LSAP)* concernant la construction d'un axe tangentiel de grande voirie à l'ouest de Cessange:

Des projets existent pour construire un axe tangentiel de grande voirie à l'ouest de Cessange, avec une largeur de 30 m, partant de la route d'Esch et aboutissant au giratoire de Helfenterbrück.

Cet axe contournerait donc la localité de Cessange par l'ouest, parallèlement au contournement autoroutier à l'ouest de la Ville de Luxembourg. Cette route serait destinée à relier les zones d'activité situées entre la capitale, Bertrange et peut-être Strassen et déchargerait le contournement autoroutier.

Il est vrai que seul existe à ma connaissance un plan sur lequel est marqué un tracé. Voilà pourquoi j'aimerais savoir qui est l'autorité responsable pour ces projets, la Ville ou l'Etat, et si les deux autorités collaborent à cette fin; où en sont les préparatifs et quels sont les délais prévus; dans quelle mesure les habitants de Cessange sont informés et impliqués dans la dite planification; et surtout s'il existe un plan d'ensemble de la circulation pour la partie ouest de la Ville, cet axe routier ne devant en aucun cas permettre à la circulation de transit de s'infiltrer dans les quartiers ouest. Etant entendu qu'il est encore prévu à proximité la gare de Cessange dans le cadre de mobilitéit.lu., la question se pose encore si un P+R est prévu près de cette future gare ou de préférence à l'extérieur de l'agglomération.

Réponse (1.7.2003) de Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics:*

La partie Nord du projet visé par

Le présent projet de loi a pour objet l'approbation du protocole d'accord relatif au raccordement du Grand-Duché de Luxembourg au TGV Est-Européen qui a été signé le 28 janvier 2002 par les Ministres des Transports français et luxembourgeois. Par ailleurs, le Gouvernement est habilité par le projet de loi sous examen à participer au financement de la partie française du TGV Est-Européen.

Il est en effet indéniable que le Luxembourg ne peut pas rester à l'écart du réseau ferroviaire européen à grande vitesse et ceci pour deux raisons majeures. Premièrement, le réseau ferroviaire du Grand-Duché risquerait d'être isolé d'un système de transport prometteur à l'échelon communautaire en pleine éclosion et représentant une des principales réponses au défi d'une organisation efficace des transports dans l'intérêt de la mobilité en Europe tout en préservant au mieux l'environnement. Deuxièmement, la Ville de Luxembourg, une des villes sièges de l'Union européenne, se doit d'être connectée de façon optimale aux grands réseaux transeuropéens.

Aux termes du protocole d'accord, la première phase de réalisation du TGV Est-Européen permettra de ramener le temps de parcours entre Paris et Luxembourg à 2 heures et

# NOUVELLES LOIS

15 minutes (ligne desservie quotidiennement par au moins quatre allers-retours).

Après la mise en oeuvre de la deuxième phase du TGV Est-Européen, le temps de parcours entre Luxembourg et Strasbourg sera réduit à 1 heure 25 minutes (au moins quatre allers-retours quotidiens).

Dépôt par M. Henri Grethen, Ministre des Transports, le 18.04.2002

Rapporteur: M. John Schummer

Travaux de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports (Président: M. John Schummer):

| | |
|---|---|
| 18.03.2003 | Désignation du rapporteur |
| | Présentation du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 02.07.2003 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 10.07.2003

## 4944 - Projet de loi

portant approbation de l'Accord portant création de l'Organisation Internationale de la Vigne et du Vin, signé à Paris, le 3 avril 2001

Par le projet de loi sous rubrique, le Luxembourg approuve l'Accord portant création de l'Organisation Internationale de la Vigne et du Vin, signé le 3 avril 2001 à Paris. L'"Office International de la Vigne et du Vin" (OIV), constituée en 1927, est une Organisation intergouvernementale à caractère scientifique et technique agissant dans le domaine de la vigne et des produits qui en sont issus. Par décision des Etats membres, l'"Office International du Vin" a pris le nom, depuis le 4 septembre 1958, d'"Office International de la Vigne et du Vin". Par adhésions successives, 46 pays sont actuellement membres de l'OIV. L'organisation comprend également des observateurs, et ce tant au niveau de pays, que de régions et d'organisations internationales.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 06.05.2002

Rapporteur: M. Lucien Clement

Travaux de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural (Président: M. Lucien Clement):

| | |
|---|---|
| 18.10.2002 | Désignation d'un rapporteur |
| 13.11.2002 | Présentation d'un projet de rapport |
| 18.06.2003 | Adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 03.07.2003

## 4954 - Projet de loi

portant

1) répression du terrorisme et de son financement

2) approbation de la Convention internationale pour la répression du financement du terrorisme, ouverte à la signature à New York en date du 10 janvier 2000

Le projet de loi sous rubrique comporte deux volets:

Le premier volet tend à transposer en droit luxembourgeois les dispositions de la décision-cadre du Conseil du 13 juin 2002 relative à la lutte contre le terrorisme, qui en tant que proposition de texte avait fait l'objet d'un accord politique du Conseil JAI en date des 6 et 7 décembre 2001, à la suite évidemment des attentats terroristes du 11 septembre 2001 à New York notamment.

La directive-cadre va plus loin que les différents instruments dont s'était dotée l'Union européenne en 1996, 1998 et 1999, en matière de lutte contre le terrorisme et la criminalité organisée (deux actions communes JAI et une Recommandation du Conseil notamment), en ce sens que la décision-cadre définit l'infraction de terrorisme, la notion de groupe terroriste et les infractions relatives à un groupe terroriste, les infractions liées aux activités terroristes, l'infraction d'incitation, de complicité ou de tentative dans ce contexte, qu'elle prévoit des sanctions efficaces pour les différentes infractions précitées, ainsi qu'une responsabilité renforcée des personnes morales, et fixe des règles pour la compétence des juridictions à l'égard des infractions visées.

Le second volet du projet de loi vise l'approbation parlementaire de la Convention internationale pour la répression du financement du terrorisme, adoptée par les Nations Unies le 9 décembre 1999.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 16.05.2002

Rapporteur: M. Patrick Santer

Travaux de la Commission juridique (Président: M. Laurent Mosar):

| | |
|---|---|
| 22.01.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation et examen du projet de loi |
| 19.02.2003 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 02.07.2003 | Discussion du texte, en présence du Ministre de la Justice, à la lumière de l'amendement gouvernemental du 13 mars 2003 et de l'avis complémentaire du Conseil d'Etat sur cet amendement gouvernemental et sur l'amendement de la Commission du 24.02.2003 |
| | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 08.07.2003

## 4970 - Projet de loi

portant approbation de l'Accord sur la conservation des oiseaux d'eau migrateurs d'Afrique-Eurasie, fait à La Haye, le 15 août 1996

Le projet de loi a pour objet l'approbation et l'exécution de l'Accord sur la conservation des oiseaux migrateurs d'Afrique-Eurasie (AEWA), fait à La Haye, le 15 août 1996. Le Grand-Duché de Luxembourg a signé cet Accord à La Haye en date du 27 octobre 1997.

L'Accord couvre l'entièreté du continent africain et de l'Europe, ainsi que certaines parties de l'Asie et quelques îles arctiques du nord-est du Canada, incluant environ 117 Etats et concernant 170 espèces, dont 85 sont identifiées au Luxembourg. C'est un instrument juridique international essentiel pour la sauvegarde des oiseaux d'eau migrateurs.

En effet, la migration des oiseaux constitue un phénomène universel qui s'étend parfois sur des milliers de kilomètres et dépasse donc les frontières nationales. Les différents pays traversés ne disposant pas d'une politique commune en matière de conservation des oiseaux, cette situation a souvent des conséquences néfastes sur les chances de survie de certaines espèces. Voilà pourquoi l'AEWA vise à créer une base légale internationale pour la conservation des oiseaux d'eau migrateurs. Il se fonde sur l'article 4 de la Convention sur la conservation des espèces migratoires appartenant à la faune sauvage, signé à Bonn en 1979 et objet de la loi d'approbation du 16 août 1982.

L'AEWA comprend, en plus du texte de l'accord lui-même, un Plan d'Action. Ce Plan d'Action concerne les mesures directes à prendre pour certaines espèces et pour une période définie. Il spécifie les actions que les Parties devront entreprendre comme, par exemple, la conservation des espèces, la conservation des habitats, la gestion des activités humaines, la recherche et le suivi international, l'éducation et l'information.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 13.06.2002

Rapporteur: M. Emile Calmes

Travaux de la Commission de l'Environnement (Président: M. Emile Calmes):

| | |
|---|---|
| 24.04.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation du projet de loi |
| | Examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| 16.06.2003 | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 03.07.2003

## 5018 - Projet de loi

modifiant la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'administration de l'Enregistrement et des Domaines

Le projet de loi sous rubrique poursuit quatre objectifs :

1. La création d'un service antifraude à l'administration de l'Enregistrement et des Domaines doit mettre cette administration en mesure de répondre aux attentes des instances communautaires en matière de contrôle et de coopération administrative dans le domaine de la TVA.

2. Le second objectif du projet consiste en l'augmentation du nombre des emplois hors cadre dans la carrière moyenne de 6 à 15 unités et en la création de 3 postes hors cadre dans la carrière de l'expéditionnaire.

3. Un autre objectif du projet consiste en l'introduction des carrières de l'informaticien diplômé et de l'expéditionnaire-informaticien dans l'administration.

4. Un dernier objectif du projet consiste en la suppression de la limite du nombre de postes prévue pour le total des postes de la carrière supérieure de l'administration.

Dépôt par M. Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances, le 23.08.2002

Rapporteur: M. Norbert Haupert

Travaux de la Commission des Finances et du Budget (Président: M. Lucien Weiler):

| | |
|---|---|
| 06.06.2003 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| 03.07.2003 | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 10.07.2003

## 5022 - Projet de loi

portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Trinité et Tobago tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et à encourager le commerce international et l'investissement, signée à Luxembourg, le 7 mai 2001

Le projet a pour objet d'approuver la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Trinité et Tobago ayant comme objectif l'élimination des doubles impositions, la prévention de la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune ainsi que l'encouragement du commerce international et de l'investissement. La convention a été signée le 7 mai 2001 et représente la première avec un des pays des îles Caraïbes, qui sont liées économiquement à l'Union européenne via les conventions successives entre l'Union européenne et les pays ACP. Le gouvernement luxembourgeois entend doter le pays d'un réseau de conventions fiscales aussi étendu que possible afin de garantir la compétitivité de l'économie luxembourgeoise dans le contexte d'une globalisation croissante.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 10.09.2002

Rapporteur: M. Norbert Haupert

Travaux de la Commission des Finances et du Budget (Président: M. Lucien Weiler):

| | |
|---|---|
| 03.07.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat |
| | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 10.07.2003

## 5025 - Projet de loi

portant approbation de l'accord de coproduction audiovisuelle entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République fédérale d'Allemagne, signé à Berlin, le 14 juin 2002

Afin d'élargir le rayon d'action des producteurs installés au Luxembourg sur le plan international, le Luxembourg a signé en juin 2002 un accord de coproduction audiovisuelle avec la République fédérale d'Allemagne. L'accord prévoit que les films réalisés en commun par des producteurs des deux pays sont considérés comme des œuvres nationales de chaque côté, du moment que la participation allemande et luxembourgeoise se situe entre 20 et 80 pour cent des dépenses totales du film. Dans ce cas, les producteurs bénéficient des avantages financiers prévus dans les dispositions économiques dans le domaine du cinéma des deux Etats. Ceci est d'autant plus important que les « Länder » allemands jouissent d'une autonomie absolue vis-à-vis du Gouvernement fédéral dans le domaine de la culture.

L'accord prévoit par ailleurs l'instauration d'une commission mixte chargée de veiller au respect mutuel des dispositions contenues dans l'accord bilatéral.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 12.09.2002

Rapporteur: M. Jean-Marie Halsdorf

Travaux de la Commission des Media et des Communications (Président: M. Laurent Mosar) :

| | |
|---|---|
| 16.01.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du texte et de l'avis du Conseil d'Etat |
| | Organisation des travaux |
| 12.06.2003 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 03.07.2003

## 5043 - Projet de loi

relatif à l'augmentation du capital de la Banque Européenne d'Investissement

L'objet du présent projet de loi est d'autoriser le gouvernement à participer à l'augmentation du capital de la Banque Européenne d'Investissement conformément à la décision du Conseil des Gouverneurs de la Banque Européenne d'Investissement du 4 juin 2002.

A l'occasion de sa séance annuelle du 4 juin 2002, le Conseil des Gouverneurs de la BEI a décidé à l'unanimité

1° d'augmenter conformément à l'article 4(3) des statuts de la BEI, avec effet au 1er janvier 2003, le capital souscrit par les Etats membres actionnaires de 50% au prorata de leur participation. Le capital souscrit passe ainsi de 100.000 millions d'euros à 150.000 millions d'euros;

2° de diminuer conformément à l'article 5(1) des statuts de la BEI le pourcentage du capital souscrit à verser par les Etats membres de 6 pour cent actuellement à 5 pour cent;

3° de couvrir le financement découlant de cette augmentation de capital entièrement par un recours à des réserves supplémentaires disponibles de la Banque.

Dépôt par M. Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances, le 28.10.2002

Rapporteur: M. Lucien Clement

Travaux de la Commission des Finances et du Budget (Président: M. Lucien Weiler):

03.07.2003 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat

Examen et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 10.07.2003

## 5064 - Projet de loi

modifiant la loi modifiée du 29 août 1976 portant création de l'Administration des services vétérinaires

Le projet de loi propose une modification de l'article 5 paragraphes 1 et 2 de la loi du 29 août 1976 portant création de l'Administration des services vétérinaires modifiée par la loi du 28 décembre 1992 réglant l'inspection des viandes et la surveillance des établissements dans lesquels sont traités ou entreposés des viandes ou produits de viande, et modifiant la loi du 29 août 1976 précitée. Ledit article traite du cadre du personnel de l'Administration des services vétérinaires. Le projet sous examen prévoit deux modifications:

- ne plus limiter le nombre total des emplois de la carrière supérieure à 14 unités

- ne plus limiter le nombre total des emplois de la carrière des laborantins à 6 unités.

Dépôt par M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, le 09.12.2002

Rapporteur: M. Lucien Clement

Travaux de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural (Président: M. Lucien Clement):

27.02.2003 Désignation d'un rapporteur

18.06.2003 Analyse du projet de loi et des avis

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 03.07.2003

## 5082 - Projet de loi

complétant la loi du 25 juillet 2002 concernant le remplacement des instituteurs de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire

Le projet de loi a été déposé à la Chambre des Députés le 10 janvier 2003. Le Conseil d'Etat a émis un avis favorable en date du 25 février 2003. La Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports a analysé le projet lors de sa réunion du 5 mars 2003. Le projet de rapport fut adopté le 26 mars 2003.

La loi du 25 juillet 2002 a tenté de régulariser au mieux une situation qui s'était créée sur une durée d'une quinzaine d'années. En effet en raison de la pénurie des enseignants dans le secteur de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire, les communes avaient recours à l'engagement de personnes non qualifiées et engagées d'année en année.

Les responsables gouvernementaux ont constaté que la loi ne tient pas compte de la problématique de l'ancienneté. Le Gouvernement propose par ce projet de loi de déroger au paragraphe 6 de l'art 7 de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime de traitements des fonctionnaires de l'Etat. Ce faisant il pourra tenir compte des années d'ancienneté de service au-delà des 12 ans et les agents ayant dépassé l'âge de cinquante-cinq ans pourront bénéficier de la mise en compte de la totalité de la bonification d'ancienneté de service.

La Commission approuve la démarche gouvernementale. Le Conseil d'Etat a relevé dans son avis qu'il n'est pas exclu que d'autres cas de rigueur risquent de se présenter à l'avenir.

Dépôt par Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports, le 10.01.2003

Rapportrice: Mme Agny Durdu

Travaux de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports (Présidente: Mme Agny Durdu):

05.03.2003 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat

Organisation des travaux

19.03.2003 Présentation et discussion du projet de rapport

26.03.2003 Examen et adoption du projet de rapport

24.06.2003 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'Etat

Examen et adoption d'un projet de rapport complémentaire

Vote en séance publique: 03.07.2003

## 5102 - Projet de loi

relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un bâtiment pour le Centre de Recherche Public Henri Tudor et le Centre de Technologie de l'Education à Luxembourg-Kirchberg

La loi du 19 juillet 1997 relative à la construction d'un bâtiment pour le Centre de Recherche Public Henri Tudor et le Centre de Technologie de l'Education à Luxembourg-Kirchberg avait autorisé le Gouvernement à faire procéder aux travaux et aménagements nécessaires. Elle avait prévu que les dépenses occasionnées ne devraient pas dépasser la somme de 11.279.155,38 euros (455.000.000 LUF).

Le devis estimatif arrêté au 1er octobre 1996 prévoyait entre autres des équipements pour un montant de 545365,75 euros (22.000.000 LUF). Selon les auteurs du projet de loi, cette estimation ne concernait que les «équipements fixes, à l'exclusion des équipements électroniques». Les auteurs rappellent qu'il avait été convenu de réaliser le premier équipement par le moyen de dotations budgétaires au titre de la recherche, afin de garantir une adaptation optimale aux structures en mutation permanente du CRP Henri Tudor. Du fait que cette approche financière adoptée en 1996/1997 ne correspond plus à la pratique budgétaire actuelle du législateur, le projet de loi sous examen a pour objet de respecter la volonté du législateur et de lui procurer une parfaite transparence de la procédure.

Par le présent projet de loi, le gouvernement est autorisé à adapter l'enveloppe budgétaire accordée aux fins de doter l'immeuble construit des équipements mobiles et des équipements électroniques nécessaires à sa destination et surtout à son fonctionnement. Ces dépenses sont évaluées à 2.466.693 euros. Ceci veut donc dire que l'ensemble des frais concernant les équipements nécessaires à la viabilité de l'immeuble s'élève à un montant de 3.012.059 euros (121.506.148 LUF).

Dépôt par Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, le 06.03.2003

Rapportrice: Mme Nelly Stein

Travaux de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture (Présidente: Mme Nelly Stein):

21.05.2003 Présentation du projet de loi

18.06.2003 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat

25.06.2003 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 08.07.2003

## 5136 - Projet de loi

portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Bulgarie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

## 5137 - Projet de loi

portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République d'Estonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

## 5138 - Projet de loi

portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lettonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

## 5139 - Projet de loi

portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lituanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

## 5140 - Projet de loi

portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la Roumanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

## 5141 - Projet de loi

portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République Slovaque, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

## 5142 - Projet de loi

portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Slovénie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

Les présents projets de loi ont pour objet l'approbation de l'élargissement de l'OTAN à la Bulgarie, l'Estonie, la Lettonie, la Lituanie, la Roumanie, la Slovaquie et la Slovénie. Tout comme l'adhésion de la Pologne, de la Hongrie et de la République tchèque en 1999, le présent élargissement repose sur l'occasion unique que constitue la fin de la guerre froide et la disparition de l'Organisation du Traité de Varsovie pour édifier une nouvelle architecture générale de sécurité de la zone euro-atlantique, fondée sur une volonté réelle de coopération et de partenariat.

Dépôts par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 20.05.2003

Rapporteur: M. Emile Calmes

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense (Président: M. Paul Helminger):

21.05.2003 Désignation d'un rapporteur

30.06.2003 Analyse des projets de loi

Présentation d'un projet de rapport

03.07.2003 Adoption d'un projet de rapport

Votes en séance publique: 09.07.2003

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber online op

www.chd.lu

## Ordre du jour

1. Dépôt d'une proposition de loi
2. Interpellation de M. Jeannot Krecké sur la politique du Gouvernement concernant les services publics

*(Discussion générale - Motions - Votes)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Henri Grethen, Ministre; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.32 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

D'Wuert huet den Här Mars Di Bartolomeo gefrot fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

### 1. Dépôt d'une proposition de loi

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt de Mëtteg eng Proposition de loi deponéieren, déi de Krankekeessen et soll erëm erlabe fir homeopathesch Medikamenter ze rembourséieren, wéi dat virum 1. Januar 2003 de Fall war. Dir wësst, dass dat net méi méiglech ass, nodeem d'Liste positive des médicaments gestëmmt ginn ass. Déi heite Proposition de loi soll d'UCM also erëm an d'Lag setze fir déi Medikamenter, déi bis elo remboursabel waren, kënne weiderhin ze rembourséieren.

*- Proposition de loi Nº 5173 portant modification de l'article 22 du Code des assurances sociales.*

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch de Kolleeg Mars Di Bartolomeo, an déi Proposition de loi gëtt virugeleet un d'zoustänneg Kommissioun an un de Conseil d'Etat.

Mir kommen dann elo zur Interpellatioun vum Här Jeannot Krecké iwwert d'Services publics. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn agedroen: déi Häre Sunnen, Krecké, Graas, Henckes, Huss, Urbany a Bausch. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorablen Här Jeannot Krecké.

### 2. Interpellation de M. Jeannot Krecké sur la politique du Gouvernement concernant les services publics

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn net zu ganz vill. Et schéngt ze si wéi wann de Service public, d'öffentlech Déngschtleeschtungen, net dat sexy Thema ass an der Politik am Moment, inklusiv an de Reien, ech hunn et allgemeng gesot, an ech soen inklusiv an de Reie vun der Regierung, wou ech net ka feststellen, dass den zoustännegen direkte Minister do ass.

***(Interruptions diverses)***

Ech begréissen se dann elo, well et ass awer u sech, och wann et vläicht e Sujet ass, deen d'Leit net esou schrecklech begeeschtert, en extrem wichtege Sujet, a virun allem liewe mer, wat dee Sujet do ubelaangt, an enger extrem wichteger Period, an enger Period wou öffentlech Déngschtleeschtungen ëmgebaut ginn, wou staark Veränerunge stattfannen a wou sécherlech eng Diskussioun mat de Bierger absolut noutwendeg ass. De Problem ass just, dass déi Diskussioun relativ laansicht de Bierger leeft, schwéier verständlech ass, well hien den Zesummenhank net ëmmer gesäit, well hien déi direkt Auswierkungen net ëmmer spiert. An da wann de Bierger op eemol déi Auswierkungen ze spiere kritt, da wann et sech direkt op hien auswierkt, dann ass et gewéinlech vill ze vill spéit, dann ass villes geschitt, villes an d'Wee geluecht ginn, an da wonnert ee sech.

Och hei bei eis an der Chamber hu mer dës Öfteren Diskussioune gehat, firwat dass den Tarif X elo op eemol bei der öffentlecher Déngschtleeschtung an d'Luucht gaangen ass, firwat den Abonnement Y op eemol méi deier ginn ass, firwat een net méi grad esou schnell op der Wämperhaart säin Uschloss kritt, wéi dat hei an der Stad ass. All déi Froen, déi opkommen, déi och d'Gemenge sech stellen, déi op eemol feststellen, dass se Problemer riskéieren ze kréie muer oder iwwermuer, wa se hiren eegene Busdéngscht wëllen organiséieren.

Mir mierken et also un Auswierkungen, wou d'Origine vun der Décisioun awer leider gewéinlech ganz wäit zréck scho läit. Dobäi sinn d'öffentlech Déngschtleeschtungen d'Häerzstéck vun eiser gesellschaftlecher Kohesioun. Et ass net eng einfach Wuer, et ass net einfach e Produkt an et ass scho virun allem kee kommerziellt Produkt.

Op europäeschem Niveau ass villes geschitt iwwer Richtlinnen, iwwer Reglementer. Mir liewen an enger Phas vu staarker Liberaliséierung, Privatiséierung, Dereguléierung, a munches steet eis wahrscheinlech nach bevir. Deen, dee sech de Livre vert vun der Kommissioun ugekuckt huet - dat ass den 21. Mee dëst Joer erauskomm iwwert d'Services d'intérêt général -, stellt sech mat Sécherheet Froen iwwert d'Ausriichtung vun deem Service d'intérêt général, deen ech elo ganz oft wäert anescht nennen.

Service public ass deen Terme, dee mir méi oft hei zu Lëtzebuerg gebrauchen, mä dat ass u sech en Terme, deen impropre ass. E Service public ass e Service au public, an dat sinn och eng ganz Rei aner Saachen. Ech mengen, wa mir eng Kette vu Geschäfter hunn, déi Nahrungsmëttelen ubidden, ass dat e Service au public, deen noutwendeg ass, mä dat ass awer net dat wat mer ënner Service public als solches ze verstoen hunn an dat wat mer mengen. De richtegen Terme wär u sech Service d'intérêt général. A wéi mäi Kolleeg Ben Fayot mech drop opmierksam gemaach huet, ass deen Terme awer u sech och net am Traité am Moment erëmzefannen. En ass wuel an engem Livre vert, mä et gëtt en net an den Traitéë vun der Europäescher Unioun, e gëtt do meeschtendeels anescht ausgedréckt, mat Service d'intérêt économique général. Dofir, wann ech dat elo weider esou gebrauchen, da soll et awer am Sënn si vum Service d'intérêt général.

En ass op europäeschem Plang an der Diskussioun net iwwert de Livre vert, mä och well an der europäescher Konstitutioun en Artikel dierft herno dra kommen, deen ebe just d'Kärstéck vun der Diskussioun iwwert de Service d'intérêt général beinhalt.

Et ass also eng wichteg Phas, grad wéi et eng wichteg Phas och op Weltniveau ass. Mir haten Diskussiounen hei iwwert d'Verhandlungen um Niveau vum GATS, um Niveau vun der Welthandelsorganisatioun. Mir hunn an der Chamber geschwat iwwert d'Gefor an d'Implikatiounen an haaptsächlech op wat mer eis Regierung missten opmierksam maachen, wa se et net gemierkt hätt, wou si misst op europäeschem Plang kucken, fir dass deen zoustännege Kommissär de Suergen, déi hei eng ganz Rei Organisatiounen, Gemengen an esou weider hunn, déi direkt dierfte konfrontéiert gi mat de Konklusioune vun deene GATS-Verhandlungen, Rechnung dréit.

D'öffentlech Déngschtleeschtunge sinn an eisen Aen Déngschtleeschtungen, déi solle biergerno sinn, modern, héichwäerteg an der Qualitéit an déi zu gläicher Zäit och sollen als ee vun de Grondrechter vun de Bierger considéréiert sinn. Dofir brauche mer awer vläicht eng zäitgeméiss Definitioun vun den Déngschtleeschtungen a vun der Roll vum Stat, eppes wat mer de Moment net hunn. Mir musse selbstverständlech kucken, wa mer dat definéieren, dass mer och déi noutwendeg Mëttelen dofir ginn, an dass mer kucken ze probéieren, ze definéieren, wéi mer déi Déngschtleeschtungen net der Logik vum Maart eleng aussetzen, wéi mer déi Déngschtleeschtungen definéieren, déi allefalls dierfte käschtendeckend sinn an net profitorientéiert ugebuede ginn. Well wann et sech an d'Rëtsch vun de Grondrechter soll areien, wat eis Meenung ass, da muss een op déi do Punkten oppassen.

Et muss e gläichen a qualitativ héichwäertegen Zougank gi fir d'Leit alleguerten, a mir hunn dat als Partei mat folgende Grondsätz probéiert ze ënnersträichen.

Et muss also e gläichwäertegen, diskriminéierungsfräien, sozial gerechten Zougank ginn. E muss flächendeckend an a groussem an ausräichendem Ëmfang ugebuede ginn. E muss eng beschtméiglech Qualitéit hunn. E muss dauerhaft verlässlech an dezentral sinn, an et mussen natierlech och d'Infrastrukturen do sinn, fir dat do ze garantéieren.

Lëtzebuerg bedeelegt sech un deenen Diskussioune leider hei an eisem Parlament net ganz vill, an op Regierungsniveau géing ech soe si mer amgaange royalement d'Situatioun an d'Evolutioun ze verschlofen. Anstatt dass mer hei mat allen Acteure géingen ufänken doriwwer ze diskutéieren, well d'Problemer jo säit 1999 ganz kloer erkannt gi si vun der Regierung, déi waren och eis bekannt, si si vun lech erkannt ginn, jiddfereen huet gesot, endlech, endlech kommen se drop, dass se mierken dass mer eng ganz Rei Kursännerunge gegebenenfalls musse maachen, bedéngt duerch d'Entwécklung, déi weder deem engem nach deem anere seng Schold muss sinn, mä Dir hutt eng Period gehat, wou mer éischtens als Stat iwwer vill Geld verfügt hunn, wou mer eng roueg Period haten, net eng, déi duerch grouss Konflikter geprägt war, wou een hätt kënnen higoen an dat do an aller Rou diskutéieren. Dëst ass net geschitt.

Et kënnt mer e bësse vir, wéi wann eis Verantwortlech an der Regierung wéi um Quai vun enger Gare stinn. D'Zich fuere laanscht, heiansdo fiert emol ee méi lues, da probéieren se en ze kréien a geroden nach just d'Trëttbriet. Esou gesäit et mir aus, wann ech d'Aart a Weis kucke wéi se…

***(Interruption)***

Jo, wann Dir lech begnügt domat Trëttbrietfuerer ze sinn, Här Rippinger, da gestinn ech lech dat gären zou. Dat fält eis och permanent op, dass dat lech duer geet, Här Rippinger.

***(Interruption)***

D'Verwaltungsreform läit scho säit 1995 do, eng Propos vun engem Rapport, deen awer an deene groussen Zich Lettre morte bliwwen ass. Elo kann ee soen, Dir hutt lech den zoustännege Mann gekapert. Deen hu mer eis awer eréischt geholl zu engem Zäitpunkt, wou ee gemierkt huet, dass d'Regierung och mat him net vill Wëlles hat op deem dote Plang, well hien ass fir d'éischt ofgezu ginn. Deen hätt missen och herno responsabel gi fir d'Ëmsetzung, wat hien net war. Hien ass ofgezu gi fir aner Aufgaben an den Intérieur. Och do huet ee scho gemierkt, den zoustännege Minister huet net deen noutwendegen Drock gemaach an huet sech och net d'Moyenë ginn, Moyenen, déi hien deelweis hat a wou hien hätt kënnen, och virun 1999 schon, e ganze Koup Ännerunge virhuelen.

Bon, dat ass net geschitt. 1999 sinn awer eng ganz Rei Problemer erkannt ginn. Am Regierungsprogramm steet, Här Weiler, dass d'Regierung «engagera une réflexion en profondeur sur la nature et l'orientation générale des modes d'organisation et d'action de l'Etat, qui aboutira à la mise en place d'une grille de critères et de paramètres devant inspirer sa manière de procéder».

Da muss ech lech soen, domat ka jiddfereen direkt d'accord sinn, mä geschitt ass näischt. Dat ass dee ganze Problem! Mir hunn emol nach net ugefaangen doriwwer ze diskutéieren a mir si geschwë bei deenen nächste Wahlen. Wuel huet den CES säi Rapport ofginn, hien huet dat gemaach am Oktober 2001, dat ass eng gutt Basis fir d'Diskussioun unzefänken. Dat ass awer net geschitt an deem Mooss. Mat Ausnahm vun e puer Artikelen, déi sech domat ausernaner gesat hunn an den Zeitungen, ass keng Diskussioun richteg hei am Parlament gewiescht fir bahnbrechend aner Richtungen anzegoen.

Den zweete Punkt, direkt huet d'Regierung erkannt, dass et e Problem eventuell an eenzelne Secteure wier an deenen een eng Bestandsopnam misst maachen. De Groupe Waringo, wéi e genannt gëtt, war chargéiert ginn am Sozialsecteur ze kucken: Wat gëtt et un Déngschtleeschtungen? Wie mécht se? Wat fir eng Doubleemploië gëtt et? Wat fir eng Problemer kënnen optauchen? Ugekënnegt ginn ass e mat ganz groussem Trara. Sechs Méint duerno, war gesot ginn, soll en ofliwweren. Sechs Méint duerno, gi mer em och nach ee Joer, dee Mann huet och wahrscheinlech ofgeliwwert, ech weess et net, ech hunn et net gesinn, et ass awer diskutéiert ginn. Komescherweis ass awer bis elo nach näischt un de Public geroden.

Elo kann ee soen, mir sinn amgaangen d'Saach virzebereeden, mä déi Interlocuteurë mat deene jo soll geschwat ginn, wou den Dialog jo soll gefouert ginn, wou d'Transparenz jo soll herrschen, et ass ebe just mat de politesche Vertrieder hei am Parlament näischt geschitt.

Wou ass dee Rapport drun? Firwat ass deen net public gemaach ginn? Firwat ass en no sechs Méint, wou e versprach gi war, héich an helleg, net op den Dësch geluecht ginn? Sinn esou vill Saachen dran, déi lech dérangéieren, dass Der se net kënnt public maachen? Wat ass de Grond, firwat dass Der dat gemaach hutt? Déi fënnef Fraktiounen an deem Parlament hei hunn eng Demande gemaach fir en Débat ze féieren am Sozialsecteur, wien an Zukunft wat soll hei féieren. Do hunn all méiglech Leit ënnerschriwwen. Ech hunn se déposéiert am Numm vun deene fënnef Gruppéierungen, déi hei sinn.

Déi Diskussioun ass hei blockéiert, blockéiert säit deem Moment. Firwat? Well gesot ginn ass, all Ablack kënnt de Groupe Waringo zu Konklusiounen. Et ass näischt do. Entweder huet dee Groupe seng Aarbecht net gemaach oder déi Leit, déi d'Aarbecht ofgeliwwert kruten, hu se net wëlle public maachen. De deux choses l'une, mä mir hei an der Chamber si blockéiert ginn an all Gruppéierung, Här Weiler, inklusiv Dir hutt refuséiert…

***(Interruption)***

Neen, ech weess et net. Wéi soll ech dat wëssen?

M. Lucien Weiler *(CSV).*- En ass net fäerdeg, mä…

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Da froen ech mech wéi et méiglech ass, dass ugekënnegt gëtt, no de Wahlen, bannent sechs Méint ass dee Rapport disponibel. Elo sti mer virun deenen nächste Wahlen, en ass nach ëmmer net do.

Wann Dir dat normal fannt, dass mir elo véier Joer hei net iwwert de Sozialsecteur konnte schwätzen, net iwwert déi Déngschtleeschtungen, déi do geleescht ginn, an iwwer eng eventuell Ëmorientéierung. Déi Diskussioune si jo komm beim ASFT-Gesetz, beim Kollektivvertrag, do ass dat jo alles opkomm, dass gesot ginn ass: Wat kascht dat dann elo? Ass et dann net besser mir géingen eventuell d'Gemengen dat maache loossen oder de Stat, oder si wierklech d'A.s.b.l.en déi besser Solutioun, déi eis e bessere Service an een zu anstännege Konditioune garantéieren? Déi Froe si jo alleguerten opkomm an déi sollte behandelt ginn doranner. Mä mir si blockéiert. Véier Joer hu mer näischt gemaach doranner.

***(Interruption)***

Mä, Här Weiler, da bannt d'Leit mat an. Mengt Der mir wieren ze blöd fir doriwwer ze schwätzen wann et komplizéiert ass? Ech weess net firwat. Firwat ass dann net gesot ginn: Hei sinn déi Problemer, déi sech bei eisem Rapport stellen? Firwat ass dat dann net gesot ginn? Hei sinn d'Problemer, déi sech stellen, wat haalt Dir dann dovun? Firwat ass dann einfach just Rou a Schweigen? Näischt ass erfollegt.

Une voix.- Et ass eng Dunkelkammer dat do.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Jo, ech mengen och.

***(Interruptions)***

Deen drëtte Punkt ass dee vun den Etablissements publics.

Une autre voix.- Dir musst eng Pirouette maachen, Här Krecké. Dir wësst jo wéi dat geet. An deene leschten Deeg hu mer dat gesinn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Et huet jo kee Wäert. A mir hunn et elo nach eng Kéier gesinn an der Fro vum Kierchbierg. Léif Kolleegen, de Fait dass mer esou laang amgaange si mat den Auswierkunge vum Rapport iwwert de Fong vum Kierchbierg ze diskutéieren, huet en Haaptgrond. Dat sinn déi Onklorheeten, déi herrschen, an déi Diskrepanz, déi herrscht tëschent der Entwécklung an den Etablissements publics - net an deenen eleng…

***(Interruption)***

Also, Här Rippinger, ass dat dann d'Primitivitéit awer net am Quadrat, wann Dir elo all Kéiers frot, wann ech e Problem opwerfen: Wien huet den Etablissement public geschaaft? Mä selbstverständlech kënne mer do zréckgoen. Déi éischt Etablissements publics komme wahrscheinlech aus den 30er an den 20er Joren. Da gi mer déi Leit elo och nach froen. Ech stelle ganz einfach fest, dass Etablissements publics geschaaft gi sinn an deene leschte Jorzéngten à tort et à travers, soen ech ganz kloer.

***(Brouhaha général)***

An et ass jo egal, et ass jo elo egal. Do Grënn sichen ze goe bréngt näischt. '99 war de Problem erkannt. Mir haten en erkannt an an der Commission spéciale waren och Saachen ugeschwat ginn dovun. Also ware mer alleguerten zur Konklusioun komm, dass do e reelle Problem wier, an dass d'Entwécklung, déi sech gemaach huet an hiren Aktivitéiten, déi Aart a Weis wéi se hir Démarchen haut maachen, net méi am Aklang ass mat der Législatioun. Domat huet ee jo net een un de Pranger gehaangen, domat huet ee jo net een ugeklot. Domat stellt ee just eppes fest an dann hëlt ee sech eppes vir. An et hëlt ee sech vir, dass een do Remedur schaaft, an dass een higeet an do eng Studie maache léisst, vläicht vu baussen, ech akzeptéieren dat och nach, fir awer hinzegoen an dann Ëmännerunge virzeschloen.

Déi Studie ass - an dat ass och a korrekten Zäiten an Optrag gi ginn, et ass och a korrekten Zäiten ofgeliwwert ginn - ofgeliwwert ginn, Här President, am Oktober 2001. Ähnlech also, wéi dat wat de Wirtschafts- a Sozialrot ofginn huet.

E Samschdeg an engem Face à face, nodeem datt ech annerhalleft Joer reklaméiert hunn, kréien ech da virgeworf: Mä Dir hutt e jo. Ech hu geduecht: Du hues iergendwou eppes verpasst an dengem Courrier électronique. Dat ka jo alles duerchaus sinn. Du war et samschdes moies effektiv am Courrier électronique. Dat heescht elo, annerhalleft Joer, méi wéi annerhalleft Joer, nodeem dass déi Studie virläit, kréie mir et dann elo als Parlamentarier virgeluecht. Virdrun hu mir eis awer scho missen ausernaner setze mat Zitater. Den Här Pesch a senger Stellungnam beim Fonds iwwert de Kierchbierg zitéiert permanent aus där Etüd, déi hien also manifestement gesinn huet. Mir mierken, dass am Accord salarial och op déi Ausriichtung vun där Etüd higewise gëtt. Also manifestement waren och Leit vun der CGFP au courant, wat doranner géing stoen. D'Cour des Comptes schwätzt och dauernd dovunner, also wäerten déi och sécher au courant gewiescht sinn. Déi Eenzeg, déi net au courant gesat gi sinn, sinn d'Leit hei an der Chamber.

D'Steiergelder, eng Etüd, déi do ass, déi hanner verschlossenen Dieren diskutéiert gëtt. Et ass dach egal, wann eng Etüd do läit, och wa se Problemer duerstellt, da kann een awer driwwer schwätzen. A wann een driwwer geschwat huet, kann een och beispillsweis feststellen, dass mer net enger Meenung sinn an de Solutiounen, déi do proposéiert sinn. Mä firwat muss dann, au titre vun Dialog a vun Transparenz mat där déi hei Regierung ugetrueden ass, eng Etüd annerhalleft Joer am Tirang bleiwen, just well se jiddfereen, scheinbar deen do betraff ass, genéiert an dérangéiert?

Déi Problemer, hunn ech Iech gesot, déi mer déi lescht Zäit fonnt hunn um Niveau vun den Etablissements publics, notamment um Kierchbierg, kommen doduerch. Wat huet déi Entwécklung nämlech mat sech bruecht? Eng ganz Rei - an dat ass net nëmmen de Fong vum Kierchbierg - vun deenen Etablissements publics hu beispillsweis Participatioune geholl, heiansdo à bon escient, heiansdo mat gudden Iwwerleeungen, souguer au vu vun der Chamber, awer net am Aklang mat deem Gesetz.

Wann d'Gesetz kloer bei all deenen aneren Etablissements publics virgesäit, wéi an a welleche Konditiounen ee Participatiounen dierf huelen, dann ass et do wou et net virgesinn ass, dass se der maachen. Ech hunn awer näischt dergéint, dass dat geschitt ass, an och mir hunn dat festgestallt, et ass jo net fir hei engem eng Schold ze ginn. Ech gi just der Regierung d'Schold, dass se net wollt driwwer schwätzen. Mir hätte scho längst kënnen driwwer geschwat hunn. Ech menge mir kënnen och iwwert d'Kontrollrecht schwätzen, d'Aart a Weis wéi d'Tutelle ausgeriicht gëtt, déi huet och variéiert huet par rapport zu deemools, wou déi éischt Etablissements publics komm sinn, bis haut huet dat évoluéiert, mä da kommt mir maachen d'Bestandsopnam a mir kucke wat fir eng Ausriichtung mer wëllen huelen.

Sécherlech huet de Fait, dass et haut eng Cour des Comptes gëtt, och mat sech bruecht, dass en anere Contrôle sech entwéckelt huet. Beispillsweis gi jo beim Artikel 99 aus der Constitutioun, nämlech wéini an ënner welche Konditioune mer mussen e Gesetz maachen, wa grouss Ausgabe vun dem Stat oder vum Etablissement public getätegt ginn, d'Meenungen ausernaner: Firwat diskutéiere mer net doriwwer? Firwat dierfe mer net iwwert d'Basisrechter, déi an esou engem Gesetz hätte misse niddergeschriwwe ginn, schwätzen?

De Statut vun deene Leit, déi do schaffen, dat ass jo eng Auslagerung aus dem klassesche Perimeter vun de staatlechen Administratiounen, déi mer do virhuelen. An do gëtt net jiddereen iwwert deeselwechte Leescht gezunn. An dat muss och net sinn, mä et misst een awer vläicht kucken, ob et eng gewësse Linn gëtt an där ganzer Saach, dat heescht sinn ähnlech gelagert Fäll, sinn ähnlech gelagert Leit an ähnlech gelagerten Etablissements publics d'selwecht behandelt ginn. Mir hunn all Statuten, déi et haut ginn, vum Private bis zum Fonctionnaire, an den Etablissements publics. Firwat dierfe mer net iwwert déi Saachen do schwätzen?

Firwat net iwwer Tarifprinzipien, déi een an esou e Gesetz hätt kënnen abauen? Mir hätten net misse véier Joer waarden, fir dat do ze maachen. Et hätt ee kënnen driwwer schwätzen. Et hätt ee kënne feststellen, dass ee sech net eens ass, d'accord, mä mir hunn et emol net dierfen undiskutéieren oder jiddfereen huet et fir sech dierfe maachen.

Firwat dierfe mer net iwwert d'Qualitéitsnormen, déi ee sech net nëmme vun den Etablissements publics erwaart, mä och vun dem Service public, schwätzen? Do hu mer scheinbar misse waarden, well nach eng Etüd ënnerwee war.

Madame Minister, Här Statssekretär, ech géing nawell gäre wëssen, wéini dass Dir déi Etüd an Optrag ginn hutt iwwert d'Roll vum Stat, eng Etüd, déi elo just komm ass? Ech géing gären den Datum gesinn. Normalerweis steet an der Einleitung ënner welleche Konditiounen een deen Optrag krut, vu wiem a fir wat ze maachen. Dat steet an all Etüd, steet an all Audit, dee gemaach gëtt. Dat fënnt een hei net erëm. Et fënnt ee keen Datum erëm. Et weess een net wéini, dass se ugefaangen hunn. Et kann ee rätselen.

Wësst Dir, wann ech gesinn, dass den Aktivitéitsrapport vun 2002 ernimmt ass, da soen ech mer, dann ass dat vläicht deemools geschitt. Et weess kee Mënsch, wéini dat an Optrag gaangen ass, mä dat géing mech awer wierklech interesséieren ze wëssen.

Iwwert de Präis wëll ech net hei schwätzen, well ech hu meng Meenung doriwwer, an dat ass keng ganz gutt Meenung. Ech muss soen, dat Dokument huet eng grouss Ausriichtung a gëtt deem, deen et interesséiert, an et huet mech interesséiert, immens interessant Informatiounen iwwert d'Entwécklung an Däitschland, a Frankräich, England, Neuseeland, Australien an Amerika. Et sinn Extraiten aus Aarbechten, déi Professere vun enger Uni Studente gedoen hunn ze maachen. Et ass scho bal peinlech, well a ganzen Deeler vum Rapport kënnt heiansdo ee Saz iwwer Lëtzebuerg. Do flitt een iwwer 50 Säiten an et freet ee sech firwat, dass dat dran ass, an dann op eemol steet e Saz iwwer Lëtzebuerg do. Sécherlech kommen hanne Kapitelen, déi iwwer Lëtzebuerg ginn.

Déi wichtegst Kapitele sinn Extraite vun der Maastrichter Etüd vun där ech elo grad geschwat hunn. Dat si bal déi wichtegst Erkenntnisser, déi ech dra fonnt hunn. Dat anert si Rediten, déi schonn honnert Mol hei évoquéiert gi sinn, déi mer also net brauchen an eng Etüd sichen ze goen. Also fir do erauszefannen, dass „les procédures d'autorisation, de manière générale, restent lentes et souvent d'une longueur excessive", a fir erauszefannen et misst een eventuell en „impôt négatif" virschloen, a fir erauszefannen, dass en „haut débit internet est à développer", a fir erauszefannen, dass de „réseau ferré n'étant pas connecté au réseau européen", dass dat e Problem ass, a fir erauszefannen, dass een e Fonds d'investissement misst maache fir d'Participatioune vum Stat, dat sinn alles ofgedrosche Formulen, alles wat vun eis schonn an der Virwahlcampagne diskutéiert ginn ass. Do sinn Deputéierten, och an de Reie vun der DP, déi beispillsweis, fir déi Participatiounen an de Fong ze brëngen, dat a Form vun enger Proposition de loi abruecht hunn.

Ech stelle fest, dass déi Leit just eng Compilatioun vu Gespréicher gemaach hu vu Saachen, déi längst bekannt sinn, an dass hir eege Produktioun recht moer ausgefall ass. Mat där Etüd kënne mer net schrecklech vill maachen. Ech weess och net wéi seriö ech dat muss huelen. Et geet ganz vill vun Transparenz dra Rieds, an do sinn ech ëmmer ganz hellhöreg.

Wann ech da liesen op der Säit 198: «Il convient de rappeler enfin l'importante réforme réalisée au Luxembourg à partir de l'année 2001 en matière d'accueil téléphonique des usagers», da wär dat also eng vun deene bahnbrechende Reformen, déi mer gemaach hätten. Elo freet ee sech, wat ass da geschitt, hues du do eppes verpasst. «La création d'un numéro «vert» du gouvernement offre ainsi au public des renseignements sur les coordonnées des services et des responsables concernés». Da seet een, remarquabel déi Leit do, wou kommen se dodrun? «Il s'inscrit donc parfaitement dans une politique d'amélioration de l'accueil du public et de modernisation technologique des services.» Wat ass dann d'Praxis? Hunn déi da schonn eng Kéier esou en Tëlefon benotzt, deen anscheinend esou formidabel ass, dass en déi bahnbrechendst Reform ass säit 2001, wat d'Verwaltungsreform ubelaangt?

Huet net mäi Kolleeg Mars Di Bartolomeo Iech hei erklärt wéi et engem geet, wann ee beispillsweis an d'Kannergeldkeess tëlefonéiert, wann een op aner Ministèren tëlefonéiert? Wann et elo e bahnbrechenden Effekt ass, dass mer net méi einfach näischt héieren, mä dass mer elo e Répondeur héieren, deen eis seet, Dir sidd an enger Schläif. Ass dat net e berouegend Gefill? Et spiert een, et ass een op där anerer Säit, an dass een dann no enger Véirelsstonn awer anhänkt, oder no enger hallwer Stonn, an dass souguer d'Ministesch heihinner kënnt - dat ass jo nëmmen ee Fall, Mars, Du has der esou vill opgezielt - a seet, mir si guer net à même dat doten ze maîtriséieren, da gleewen ech hir dat och, mä dat dann als bahnbrechend Reform duerzestellen, dat kënne jo net déi Leit erfonnt hunn, déi déi Etüd hei gemaach hunn, soss hätten se jo e puermol tëlefonéiert a gemierkt, dass iwwerhaapt näischt geet. Dat huet jo een hinne misse flüsteren, déi Konklusioun do, a wann ech dat gesinn, da muss ech soen, dann huelen ech déi Studien einfach net eescht.

Hu mir esou eng Studië gebraucht, fir Diskussiounen ze féieren iwwer Déngschtleeschtungen haut a muer? Hu mer dat gebraucht, fir hei ze schwätzen? Hu mir dat gebraucht, fir ze schwätze wéi den Zougang soll sinn?

***(Interruptions)***

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Elo fänkt hie schon erëm un, Här President.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Här President, wann den Här Weiler fäerdeg ass, fueren ech weider.

M. le Président.- Här Krecké, fuert weider an déi aner Deputéiert sollen nolauschteren.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Ech soen Iech merci, Här President.

Beim Zougang zu den öffentlechen Déngschtleeschtungen hu mer do eppes erkennbar Neies an där Etüd virfonnt? Mir hu just véier Joer verluer.

Wéi ass et mam Präis, deen eventuell d'öffentlech Déngschtleeschtungen dierfen duerstellen, d'Fro vum Taux de couverture? Dofir brauche mir dach keng franséisch Professeren. Dat ass eng politesch Meenung, déi do gefrot ass. Wat wëlle mir an eenzelnen Déngschtleeschtunge vum Taux de couverture? Hätte mir gären 100% bei de Badeanstalten oder hätte mer gären, dass eng Badeanstalt op ass fir d'Leit alleguerten. Dat sinn d'Froen, an déi misste mir beäntwerten, awer keen Akademiker, well do geet et drëm festzeleeën, wat ass fir eis absolut noutwendeg, wat kann defizitär sinn - wann een esou wëllt – wa mer net mat engem Taux de couverture vun 100% schaffen? Firwat musse mir dofir véier Joer op eng Etüd waarden? Firwat musse mir waarden, wa mir d'Qualitéit dovunner wëllen definéieren. Hei ass jo de Client Consommateur, an deen ass véier Joer laang am Onséchere gelooss ginn. Kee Mënsch huet sech senger ugeholl an d'Leit dobausse fänken u sech Froen ze stellen.

Et ass net engem säi Feeler, mä deen Ëmbroch, dee stattfonnt huet an engem ganze Koup Déngschtleeschtungen, do hunn d'Leit eng Veronsécherung matgemaach a mir hu keng Äntwerten dorobber ginn. Musse mir ofwaarden, dass een eis seet, wéi mir e Cahier des charges maachen? Wéi mer Konventiounen opstellen? Wou mer eng Rei Obligatioune setzen? Kënne mir net selwer diskutéieren iwwert d'Obligations du service public a wat de Service universel ass? Dat ass dach awer näischt Komplizéiertes.

Ass et beispillsweis esou, dass muer an där Entwécklung, déi mir haut kennen, d'öffentlech Tëlefonskabinnen e Service sinn, deen onbedéngt vun engem Opérateur muss ugebuede ginn oder vun hinnen alleguerten? Je n'en sais rien! Ass dat an där Zäit an där mir liewen nach zäitgeméiss? Ass et net zäitgeméiss? Dofir brauch ech keen Akademiker, dee mat mir doriwwer schwätzt. Beispillsweis en Internet-Uschloss, ass dat e Service universel, d'Basiselement wat muss offréiert ginn? Dat heescht, ass en Internet-Uschloss net haut grad esou wichteg wéi beispillsweis e Waasseruschloss? Dat ass eng Diskussioun, wou mer wahrscheinlech anerer Meenung heiansdo wäerte sinn, mä déi Diskussioun ass net gefouert ginn.

Wie mécht wat an Zukunft an deem Stat hei?

***(Interruption)***

Ech interpelléieren hei d'Regierung, d'Regierung interpelléiert jo net mech. Ech ka mech erënneren, dass am Reglement steet, dass eng Interpellatioun vun engem Deputéierten un d'Regierung adresséiert ass. Här President, et sief d'Madame Polfer huet an där kuerzer Zäit vergiess, wat am Reglement steet, et ass net d'Interpellatioun vun der Regierung un en Deputéierten.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Dir sot all déi Froe wäre jo esou einfach, ganz einfach. Da sot eis!

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Madame Polfer, Dir sidd ongedëlleg. Ech kennen Iech jo net esou. An där heiter Affär sidd Dir jo esou gedëlleg wéi nëmmen eppes gewiescht. Dir hutt näischt gemaach.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Oh, Här Krecké!

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- De Problem ass jo deen, dass mer mussen definéieren, wat fir eng Servicer falen drënner a wat fir een Opérateur soll sech deem Service unhuelen? Dat ass ganz oft eng Verwaltung, dat ass ganz oft eng Gemeng. Mä kuckt déi Diskussioun, déi mer gefouert hunn iwwert d'Kompetenze Gemengen a Stat, déi ass wéinstens hei an der Chamber gefouert ginn. Mir sinn nach net zu Konklusioune komm, mä se ass awer wéinstens hei gefouert ginn à livre ouvert. Jiddferee konnt seng Propositioune maachen.

***(Interruption)***

Jo, mä wann et net virugaangen ass, dann ass et zum Deel op deem Punkt de Feeler vun eis alleguerten, déi mir dru geschafft hunn. Zumindest muss ech soen, dass dee Sujet oppen diskutéiert ginn ass. D'Parteie konnte Propositiounen eraginn. Si hunn deem enge gefall, deem aneren net. Dat ass ee vun den Opérateuren iwwert dee mer wéinstens geschwat hunn. D'Etablissements publics sinn en aneren Opérateur an do hu mer net driwwer geschwat. D'Entreprise publique ass beispillsweis eng Fro, déi ee sech an där Form awer emol stelle muss.

Wat ass haut nach eng Entreprise publique? Wat ass eng Entreprise publique wéi d'Eisebunn? GIE hu mer gemaach à tort et à travers, ouni awer emol ze kucken, firwat ass de GIE dann elo noutwendeg a firwat net. Mir hu keng Philosophie, wéi mer keng hu bei den Etablissements publics hu mer och keng bei de GIE. Bei de Groupements d'intérêt économique, wou mer Déngschtleeschtungsservicer ubidden, déi heiansdo hannen a vir net dra passen.

Dir hutt och Privatfirmen, déi dat roueg kënne maachen, wa mer eis eens sinn, dat do ass e Service, dee mer kënnen de Privatfirme ginn, an da gi mer hinnen Oplagen, Cahiers des charges, wat Der wëllt.

An da ginn et A.s.b.l.en. Och do komme mer net weider, well dee Rapport vun deem Grupp net komm ass.

Also véier Joer no der Regierungserklärung a fënnef Joer no enger Motioun hei an der Chamber, déi awer mat grousser Majoritéit ofgestëmmt ginn ass, an déi drop higewisen huet, dass et eng Rei Problemer gëtt bei eis, ass näischt geschitt um Niveau vun der Verwaltungsreform, ass näischt geschitt um Niveau vun de Services publics.

Ech muss soen näischt, well et deet mer Leed, den Tëlefon, dat geet mir net duer. Mir hunn duerch dat do an duerch eng ëmmer méi staark Bürokratiséierung au contraire awer bei engem ganze Koup Démarchen - och dat ass e Service public an do hu mer u sech, an dat liest een aus allen Texter mëttlerweil vun de Chambres professionnelles patronales eraus - u Wettbewerbsfäegkeet verluer. Mir hunn eng vun deene groussen Trëmp, déi mer an eiser Hand hunn, nämlech eng performant Statsadminis-

tratioun ze hunn, well dat ass och e Service public vis-à-vis vun den Entreprisen, déi heihinner kommen, performant Informatioune kënnen ze ginn, a schnell Autorisatioune kënnen ze ginn, do hu mer vill verluer.

Um Niveau vun den Aiden an de Subventioune wësse mer, do kënne mer net méi vill maachen. Um Niveau vun der Fiscalitéit hu mer dat gemaach wat ze maache war, an ech menge vill méi wäit kënne mer do fir de Moment net goen, mä mir hu w.e.g. dat gemaach wat ze maache war.

Mä eng vun deene wichtegen Trëmp, déi mer haten, waren déi kuerz Weeër, waren déi einfach Weeër, an haut stelle mer fest, dass dat iwwerhaapt net méi de Fall ass. Mir hunn eng Geleeënheet verpasst, mir hate Geld, fir eis Statsadministratioune performant a fit ze maachen. An ech muss Iech soen, esou suerglos wéi hei während véier Joer domat ëmgaange ginn ass, dat kann nëmme sinn, dass een am Geld schwëmmt, dass ee sech keng Rechenschaft muss driwwer ofleeën, an dass déi Konflikter, déi och permanent opgetaucht sinn, op déi ech schonn opmierksam gemaach hunn, een net stéieren.

Och den CES seet: „Le Gouvernement continue cependant à rester muet sur cette question fondamentale, bien qu'il ait déclaré en août 1999 qu'il engagera une réflexion en profondeur".

Et sinn also net nëmme mir, déi feststellen, dass do näischt geschitt ass. Mir hätte roueg kënnen déi Diskussioune féieren. Wat ass awer geschitt? Et sinn Décisioune geholl ginn, déi net gutt sinn, well se net an e Kader erapassen, deen definéiert ass. Wou fänkt de Service universel un? Wat maache mer an e GIE? Kuckt d'Beispill vum Firmeregëster. Doriwwer geet dann och an där Etüd Rieds. De Firmeregëster ass datselwecht wéi op der Gemeng de Regëster vum Etat civil. Bis elo ass nach keen op de Gedanke komm den Etat civil an iergendee Groupement d'intérêt économique eran ze maachen, fir dass e besser funktionéiert.

Hei ass festgestallt ginn, e géing net gutt funktionéieren. Wat ass gemaach ginn? En ass an e Groupement d'intérêt économique gesat ginn. De Firmeregëster ass näischt anescht wéi den Etat civil vun eise Firmen. Wat seet dann elo déi Etüd vun där ech virdru geschwat hunn?

«Ainsi la gestion du registre du commerce et des sociétés par un GIE, où sont représentés la Chambre des Métiers, la Chambre de Commerce, le Ministère de la Justice est-elle de nature à améliorer le fonctionnement d'un service qui jusqu'alors laissait quelque peu à désirer?» Anstatt hinzegoen an d'Regelen an d'Démarchen ze kucke vun deem Service, deen ze verbesseren, gi mer en einfach auslageren. Et gi Saachen, wou een dat ka maachen, mä et gi Saachen, do mécht een et net. Firwat? Et kann nach haut kee mir et plausibel maachen, firwat mir net higaange sinn, fir de Grond vun där Ineffikassitéit, déi festgestallt ginn ass, ze délimitéieren, an dann doropshin ze reagéieren. Wat hu mer gemaach? Einfach ausgelagert, net laang duerno gekuckt, well mat deeneselwechten Argumenter kann ech Iech soen, kann ee bei de Gemengen a kann ee beim Stat, well et ginn iwwerall Plazen, wou Saachen net funktionéieren, higoen an dat iergendenger Société anonyme, engem Groupement d'intérêt économique ginn an et hëllt een nach Hëllef vu baussen.

Eng ähnlech Situatioun ass, ech kommen ëmmer erëm drop zréck, well et e Paradebeispill ass, d'Administratioun vum Flughafen. Bei der Post, bei der Spuerkeess, beim Fonds du Logement, bei der SNCI hu mer eis dach gëeenegt fir op eemol en Etablissement public ze maachen. Do sinn et gutt Grënn ginn, firwat dass mer net eng Société anonyme gemaach hunn. Et hätt ee jo och eng Société anonyme bei der Post kënne maachen. Et hätt ee kënne bei der Spuerkeess eng Société anonyme maachen. Et hätt ee beim Fonds du Logement à la limite, esou wéi et bei där anerer Sociétéit ass, eng Société anonyme kënne maachen. Mir sinn eis eens ginn, dass aus gudde Grënn een dat net soll maachen, obschonn déi Etablissements publics haut der kommerzieller Konkurrenz ausgesat sinn.

Déi Administration de l'aéroport ass muer iwwerhaapt kenger Konkurrenz ausgesat. Et wäert nëmmen ee Findel hei ginn an et wäerte keng zwee ginn. Si sinn also net an der Konkurrenz. Et gëtt iwwerhaapt kee Grond fir eng Société anonyme ze huelen. Et wier largement duer gaangen, fir dass d'Interesse vum Stat och richteg vertruede sinn, wa mer higaange wären a mir hätten en Etablissement public gehat. Deem seng Objektiver kann d'Chamber definéieren. An deem seng Objektiver kann d'Chamber dra schreiwen, dass den Intérêt général, den Intérêt du public, den Intérêt vun den Anrainer au même titre ze rangéieren huet wéi den Intérêt économique vun deene Firmen, déi do operéieren. Dat wär beispillsweis eppes wat een hätt kënnen dra schreiwen. Bei där Société anonyme huet d'Chamber net matgeschwat, a sinn ech och net sécher, vu dass d'Gesetz vun 29 kloer virschreift,- an den Här Haupert weess dat -, dass bei de Sociétés anonymes „prime l'intérêt de la firme et pas l'intérêt général"

Iwwregens eppes ganz Echtes, nëmmen en Niewenaspekt vun där doter komescher Entwécklung, fir ze weise wat fir en Duerchenaner mer do hunn. Gitt emol eng Kéier op de Site vun der Administration de l'aéroport. Mäi Kolleeg Zanussi huet mech dorop opmierksam gemaach. Gitt emol eng Kéier dodrop an da wëllt Der erausfanne wéini Hapag Lloyd flitt, wat jo e Recht ass vun all Lëtzebuerger, vu dass se vun hei aus fléien an hei hir Taxe bezuelen, do lannt Der um Site vun der Luxair, an de Site vun der Luxair - wat ech parfaitement verstinn, déi Firma huet jo keen Intérêt, well et ass eng S.A., do hunn ech kee Problem, déi huet jo keen Intérêt aner Firmen ze bevirdeelegen - schwätzt natierlech net vun all deenen anere Volen, déi hei um Flughafe fortfléien.

***(Interruptions diverses)***

Ma sécher fléien se nach. Ech hunn nach viru 14 Deeg, dräi Wochen e Fliger gesinn, à moins dass se deen do geparkt hunn.

Mä et weist wéi koppeg dat Ganzt organiséiert ass, déi Verflechtungen, déi ongesond sinn. D'Administration de l'aéroport ass also eng Société anonyme. En Etablissement public hätt säin eegene Site gehat an e géing d'Informatioune wat de Flughafen ubelaangt, ouni iergendeng Firma ze bevirdeelege, ginn. Hei ass et einfach witzeg. Hei gesäit een d'Verflechtungen, déi absolut net noutwendeg sinn, an déi ech och net gesinn.

Sécherlech, an dat hu jo den Här Schaack an den Här Graas och gemaach, wa se iwwert de Service public schwätzen, wann se iwwert d'Besoinë vun de Leit a vun de Bierger schwätzen, kommen si ëmmer erëm zréck op d'Fonction publique. Or, d'Fonction publique ass net deen eenzegen Acteur do. Et gi vill aner Acteuren do dran, a sécherlech ass den Accord salarial - en ass jo gestëmmt gi vum Gros vun de Leit heibannen - jo eng kontinuéierlech Tarifpolitik souwisou.

Dee Schrëtt driwwer, wann Der dat gären hätt, Här Graas, vum Gehälterofkommes ofgesinn, well bei der Gehälterrevisioun hutt Der jo schonn direkt gepasst, obschonn Der et versprach hat, mä ech wëll net op deen Niveau erofkommen. Ech wëll net doriwwer schwätzen, esou wéi Dir et gemaach hutt. Et ass net eng Fro vu Pensiounen a vu Péréquatioun, de Service public. Beim Service public ass eppes am Vordergrund, an dat sinn d'Leit, déi vun deem Service profitéiere wëllen. Déi interesséiert dat och net. Déi interesséiert, wat bidden déi eenzel Acteuren un, wéi bidden se un, wat fir eng Qualitéit, an do muss ech soen, doriwwer schwätze mer net. Dir verlagert permanent d'Diskussiounen op en Terrain, dee guer net gefrot ass.

***(Interruption)***

Wa mer vu Service public schwätzen, wa mer en neien Elan sichen op deene verschiddenen Niveauen, dann ass et net do wou mer e sichen. Do siche mer en a Form vun enger Verwaltungsreform, da siche mer en a klore Strukturen, a klore Kritären, déi ausgeschafft ginn, ebe just fir déi Servicer vun deene mer schwätzen.

E gutt d'Beispill dofir ass och, an och do muss ech jo soen, ass et remarquabel wat den Här Schaack esou vu sech gëtt. Pisa II ass jo net eng Erfindung vun der sozialistescher Partei. Déi Etüd ass net vun eis an Optrag ginn, näischt. Et ass en Engagement, dat eng Regierung hëlt am Juni 2000. En Engagement, dat eng Regierung hëlt fir hir Online-Servicer vun de Verwaltungen ze verbesseren. Si kritt, wéi een haut esou seet Benchmarks gesat, et gëtt e Benchmarking gemaach, et gëtt vu baussen en Audit gemaach, wat wierklech geschitt ass. Et ass eng Firma Cap Gemini, déi dat mécht, déi vu bausse kuckt, am Optrag vun der Kommissioun, wat dann elo geschitt ass. Den Här Schaack huet näischt Besseres fonnt wéi ze soen, dass et awer remarquabel wier, dass Lëtzebuerg esou eng grouss Progressioun matgemaach huet.

Wat ass d'Realitéit? Schweden ass als Spëtzereider bei 87 vun 100 ukomm. Mir sinn ukomm bei 32. Mir sinn domat largement déi Lescht. D'Belsch ass bei 47, si sinn déi Zweetlescht. Op 20 Kritären, déi festgehale sinn, si mer 4-mol déi Lescht, 3-mol déi Virlescht an 3-mol déi Drëttlescht. Mir bréngen et also fäerdeg bei zéng vun 20 Elementer, déi do gekuckt ginn, ënnert deenen dräi Leschten ze sinn. Fir do ze soen, dass dat d'Schold vun der Regierung vu virdru gewiescht wier, ass wierklech e staarkt Stéck. Do sinn e ganze Koup Mesuren ausgeschafft ginn. Déi si vun Iech emol net ugefaange ginn. Emol net ugefaange ginn! An och déi Regierung virdrun konnt net 1990 den Internet verbesseren, deen et hei zu Lëtzebuerg net ginn ass.

Esou hutt Dir awer gesot, Här Schaack. Zéng Joer laang hätten se um Internet geschlof. Ech froe mech wou Dir waart, op wat fir engem Planéit Dir waart, wou den Internet 1990 scho war. Wéini ass den Internet hei zu Lëtzebuerg wierklech komm? Dass den Accès fir d'Leit wierklech populär ginn ass? 1998/1999, net virdrun.

Ech huelen nach Riedezäit vu menger Fraktioun.

***(Interruption)***

Dach dat geet. Dat geet net beim Rapporteur, mä et geet bei der Interpellatioun.

Ech soen Iech awer merci, Här Rippinger, fir déi léif Opmierksamkeet, déi Der mer do schenkt.

***(Interruptions)***

Kolleegial wéi hien ëmmer ass.

Mir hunn et also fäerdeg bruecht en Engagement ze huelen. Entweder hätt een dat Engagement net sollen huelen, a wann een et geholl huet, dann huet een et jo en connaissance de cause geholl. Et ass am Juli 2000, wou d'Regierung d'Engagement hëlt, si wosst jo awer sécher vu wat se géing schwätzen. Si wosst och wat géing op se zoukommen. Si wosst, dass se géing évaluéiert ginn. Si huet d'Engagement geholl an d'Resultat ass katastrophal. Da sidd Der responsabel dofir. Entweder wosst Der net wat Der do géingt verzapen oder wat Der do géingt agoen...

Plusieurs voix.- Oh!

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Ma zu enger anerer Konklusioun kann ech jo net kommen. Dir wosst jo net, wat Der géingt anhalen oder Dir hutt et net fäerdeg bruecht, dat wat déi aner Länner vu Problemer och haten, Dir wäert mer jo net soen dass d'Belsch, Däitschland, Frankräich net ähnlech Problemer gehat hätten. Firwat bréngen déi et da fäerdeg eppes ze maachen, wat mir net fäerdeg bréngen?

Dir gitt Iech elo brüsten op de Radio, doduerch dass Der sot, dass mir eng schnell Progressioun gemaach hunn. Wësst Der mat wat een dat hei ka vergläichen? De Favorit an där doter Course ass zéng Kilometer hannert dem Zweetleschten an ass awer elo méi schnell gefuer an ass elo nëmme méi fënnef Kilometer hannert dem Zweetleschten. En ass amgaang opzehuelen, mä en ass nach ëmmer de Leschten. Ech muss soen, et ass traureg fir e Land wéi eist, dass mer PISA II mussen iwwer eis ergoe loossen.

An op e ganze Koup Elementer hätte mer déi Diskussioun jo och kënne sachlech féieren. Firwat gëtt ee rosen? Ma wa véier Joer verschlof ginn. Ob mer eis eens gi wieren, weess ech net. Energie, Electricitéit a Gas, Waasserversuergung hu mer ugeschwat hei, just um Rand, wéi mer iwwert d'GATS-Verhandlunge geschwat hunn; wat fir eng eventuell sollte muer nach wierklech e Kärstéck vun engem Service universel bleiwen a wat fir eng net.

D'Transportkommunikatioun, d'Post, déi no beienaner gelagert sinn, ass e weideren Deel, wou een hätt kënnen driwwer schwätzen. D'Schoul, do hu mer driwwer geschwat, a mer waren eis manifestement net eens. Eis Partei seet ganz kloer an däitlech, dass fir eis de Gros vun der Schoulausbildung soll am öffentlechen Deel geschéien an net am privaten Deel. Datselwecht gëllt fir d'Kannerbetreiung. D'Sozialdéngschter, déi ugebuede gi sinn, soubal et jo kee Besoin marginal ass, ass et e Besoin, deen op eemol erwiist. Sécherlech, virun 20 Joer waren eng Rei Besoinen net erkannt, si si vläicht an där Form op eemol gewuess an eppes eran, mä ob dat haut awer nach richteg ass, ass awer eng Fro.

D'Gesondheet, an ech zielen also déi Secteuren op, déi fir eis an de Secteur public gehéieren. D'Gesondheets- an d'Altersfürsorg gehéiere fir eis dodran. Sécherlech, iwwert de Beräich vun der Sécuritéit ass net driwwer ze diskutéieren, mä och dee vun de kulturellen a sportleche Betätegungen. An et kann ee jo net einfach ee fir allemol soen, dat do ass et elo. Déi do Déngschtleeschtunge si jo alleguerten dauernd an engem Embroch. Do ass eng Dynamik dran, well d'Situatioun sech verännert. D'Besoinë veränneren sech an ech hat et gewisen um Beispill vun enger Tëlefonskabinn an um Beispill vun engem Accès Internet, dee garantéiert elo vläicht ëmmer méi Bedeitung kritt.

Dat sinn also déi Punkten op déi, Här President, mir besonnesch Wäert géinge leeën, wat dat do ubelaangt, déi eenzel Departementer, déi ech elo opgezielt hunn. Et ass déi Basisversuergung, déi mer de Bierger garantéieren, dass déi net vu Profitdenken an net dierfe vun engem Taux de couverture 100 definéiert sinn. Et muss diskutéiert gi pro Déngschtleeschtung, wat den Taux de couverture misst sinn. An den Taux de couverture heescht jo näischt aneschters, wéi vill Defizit kann esou e Service produzéieren, deen d'Allgemengheet opfänkt.

Mir mussen e Vertrauenskontrakt mat eise Bierger maachen iwwert dee Service public. Well mir hunn e Vertrauensschwund, dat ass net engem seng Schold heibannen, deen hu mer duerch déi vill Ëmännerungen, déi do passéiert sinn. Mir mussen déi Bestandsopnam endlech maache vun deene Servicer, déi do sinn. Do wou et Lacunë ginn. Do wou et der ginn, déi net méi noutwendeg sinn. Et ass evident datt all Opérateur, deen do ass, weiderfiert wann hien net gesot kritt: Bass de sécher, dass dat wat s de méchs och muer nach onbedéngt noutwendeg ass?

Wat musse mer nach maachen, ofgesi vun deem Rahmegesetz, wat ech gesot hunn? Ma déi dezentral Berodungsstelle musse mer endlech bréngen. Et kann dach net sinn, dass ech virgeworf kréie wann ech soen: Eng S.A. wéi déi vu Sandweiler ass net gemaach fir muer d'Gestioun vun de Führerschäiner, nëmme mam Virwand, dass elo ee méi schnell a besser op Wëlwerwolz säi Führerschäin erneiere geet. Mä dat kënnt een dach och an engem Verwaltungselement maachen. Dat kënnt een an engem Guichet maachen, deen dezentral ass op deene Plazen, déi mer definéieren, wou et noutwendeg ass a wou d'Leit all hir Démarchë misste maachen. Da missten se dach net bei eng Société anonyme goen, och wann de Stat zu 100% doranner Aktionär ass. Eng Société anonyme, le mot le dit bien ce que ça veut dire, et ass anonym, et weess ee wien dran ass, mä si ass de kommerzielle Regelen ënnerworf.

De Guide de l'administré ass eppes wat vill Gemenge fäerdeg bruecht hunn erauszebréngen. De Stat ass incapabel dat do ze maachen. Aner Öffnungszäiten a senge Verwaltunge kréie mer elo lues a lues, drëpchesweis matgedeelt. Während véier Joer, wou mer ugetruede sinn, mat zwee Responsablen am Ministère, ass näischt geschitt. Eenzel Direktere maache Broschüren iwwer Neierungen, déi an de Législatioune sinn, a verkafen déi an de Librairien. Mä dat ass jo awer net de Wee. Déi Direktere solle Broschüre maachen an hiren Administratiounen a si sollen se erausginn a si sollen dat maache wat eenzel Administratiounen effektiv gemaach hunn, wou se de Leit d'Informatioune méi no bréngen.

Behënnertegerechten Zougank, an engem Joer wéi deem heiten, ass och e wichtege Punkt wou mer mussen definéieren, wat mer dann elo wierklech doranner investéieren.

D'Genehmigungen an d'Beaarbechtungsprozeduren, déi mer hunn, hu mer net iwwerduecht. Se sinn nach schlëmmer ginn an deene leschte Joren. Ech maache kengem e Virworf. Ech maache just engem de Virworf wann en inaktiv ass.

D'Ausbezuele vun de Rechnungen, mir schwätzen hei iwwer Failliten. Mir schwätzen iwwer Schwieregkeeten, déi eenzel Betriber hunn. Mä dat éischt wat se Iech soen ass, dass de Stat onméiglech laang brauch fir Saachen auszebezuelen, an dass se a Schwieregkeete kommen. Och dat ass e Service, dee mer assuréieren. Mir mussen en anstännege Service hunn. Wat eng Bank fäerdeg bréngt, wat Betriber fäerdeg bréngen, muss de Stat dach och capabel sinn ze maachen, a guer net ze schwätze vun engem leeschtungsstaarken öffentlechen Transport.

Dat si ganz elementar awer wichteg Punkten, wou déi heite Koalitioun versot huet.

D'Ufuerderunge vun der Informatiouns- a Kommunikatiounsgesellschaft, mengen ech, hunn ech des Längeren an des Breederen un-

hand vun där bekannter PISA II-Etüd probéiert ze explizéieren, wou mer einfach versot hunn.

An der Weiderbildung vun eise Leit, och haaptsächlech vun eise Fonctionnairen an der iweschter Carrière, stellen ech net vill fest. Inklusiv mir hei an der Chamber, wëll ech soen, verpassen och d'Weiderbildung vun eise Leit, vun eise Spëtzefonctionnairen, vu jiddferengem, mä och vun eise Spëtzefonctionnairen, déi heiansdo a Coursen emol an d'Ausland misste kucke goen. Dat maache mer net. Well et ass jo do, wou mer nei Iddië matbréngen. D'Iddië wuesse jo net ëmmer bei eis a mir verlaangen dat jo net. Et ass do wou mer un Iddië kommen. Mir mussen endlech aféieren, dass déi Déngschtleeschtungsservicer, déi mer ubidden, vun engem vu baussen évaluéiert ginn, appréciéiert ginn, dass mer wëssen, ob se de Qualitéitsnormen, déi mer festgeluecht hunn, och entspriechen. Näischt an deem Beräich do hu mer gemaach.

Vun der Bildung schwätzen ech net. Vun de Gemengen hunn ech geschwat a vun den europäesche Liberaliséierungsbestriewungen och.

Här President, ech hu probéiert unhand vun e puer Beispiller ze weisen, wat een hätt kënne maachen ouni a Polemik ze verfalen. A wann ech rose sinn iwwert d'Aart a Weis wéi dat elo gelaf ass, dann ass et net well mer um Inhalt eis net eens wieren, well et ass keng Diskussioun, déi stattfonnt huet, mir konnten emol nach net d'Inhalter konfrontéieren. Et ass well et net zu enger Diskussioun komm ass, well et inaktiv Leit waren, déi do um Rudder waren, déi verpasst hunn eng Moderniséierung ze maachen, déi mer elo mussen nohuelen.

Mir musse kucke mat deene Geldmëttelen, déi mer haut hunn an déi 1999 an 2000 nach méi flësseg waren, d'Attraktivitéit vun deem Service ze steigeren. Mir musse Léisunge fanne fir Problemer, déi lues a lues opgetaucht sinn, déi ech kengem virwerfen, mä wou mer d'Léisunge musse sichen, déi mer net engem anere sollen iwwerloossen. Déi véier verschlofe Jore musse mer nohuelen. Mir mussen eise Service public erëm fit maache fir déi Erausfuerderungen, déi d'Gesellschaft haut un de Service public stellt an nëmmen da si mer eiser Aufgab als Politiker gerecht ginn. Ech muss feststelle bei där Konstellatioun, déi mer haut hunn, hu mer dat net gemaach.

Ech déposéieren nach eng Motioun a soen lech merci, Här President.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant l'accord de coalition de 1999 qui retient que «le Gouvernement engagera une réflexion en profondeur sur la nature et l'orientation générale des modes d'organisation et d'action de l'Etat, qui aboutira à la mise en place d'une grille de critères et de paramètres devant inspirer sa manière de procéder» ;*

*- sachant que l'accord de coalition de 1999 prévoit aussi «une réglementation ad hoc qui fixera les conditions dans lesquelles un service public pourra être transformé en établissement public et qui en fixera les structures ainsi que le statut du personnel» ;*

*- considérant l'étude sur les critères relatifs à la création d'établissements publics au Luxembourg, élaborée par l'Institut Européen d'Administration Publique (IEAP) de Maastricht, qui retient notamment que le rôle que l'Etat est censé assumer dans la gestion des services publics n'est pas clairement défini, et donc qu'il n'y a pas de concept clair des services publics ;*

*- considérant que l'IEAP de Maastricht propose aux décideurs luxembourgeois d'apporter des améliorations à la situation actuelle des établissements publics au Grand-Duché, notamment en vue d'une gestion plus transparente, plus efficace et plus flexible des services détachés ;*

*- regrettant les retards que le Luxembourg connaît toujours en matière de eGovernment, et plus particulièrement en matière de services publics disponibles sur internet en comparaison avec les autres pays européens ;*

*- constatant que toutes les mesures prévues dans le rapport Frieseisen datant de 1995 ne sont toujours pas prises en considération pour faire avancer la réforme administrative ;*

*invite le Gouvernement*

*- à définir clairement le terme de service public et à introduire des procédures d'évaluation des services publics prestés;*

*- à élaborer un inventaire des services publics existants, afin de permettre une amélioration des services insuffisamment fournis;*

*- à définir quels seront les supports légaux et les principes de gestion pour l'exécution des missions de service public;*

*- à garantir un service public décentralisé proche des utilisateurs;*

*- à élaborer une loi-cadre fixant une définition de la notion d'établissement public, de même que les critères à remplir pour la création de nouveaux établissements publics;*

*- à définir une classification des différents types d'établissements publics selon la nature du service, afin de pouvoir opérer une distinction entre les services à caractère administratif et les services à caractère industriel et commercial;*

*- à établir des règles homogènes relatives au mode de fonctionnement et d'organisation en général des différents types d'établissements publics, notamment pour la composition et la nomination des organes dirigeants;*

*- à définir clairement si le contrôle de la gestion financière des différents établissements publics par la Cour des Comptes est obligatoire ou non;*

*- à faciliter autant que possible l'accès aux services publics par l'intermédiaire de l'internet, et ce notamment en créant une offre interactive;*

*- à améliorer l'accès au service public par l'intermédiaire d'un guichet unique, d'un guide de l'administré, de réductions des délais d'attente des primes dues et de réductions des délais pour les paiements de factures par les services publics;*

*- à mettre en œuvre les mesures prévues dans le rapport Frieseisen;*

*- à s'engager au sein de l'Union européenne, plus particulièrement en vue des négociations de l'Accord général sur le commerce des services (AGCS), afin d'éviter des libéralisations de services publics tendant à empêcher l'Etat et les communes d'organiser en régie propre les services publics qui leur semblent utiles et nécessaires;*

*- à s'engager lors de la prochaine Conférence intergouvernementale pour introduire une base juridique afin de faciliter l'accès des utilisateurs aux services d'intérêt général.*

*(s.) Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer, Marc Zanussi.*

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Fred Sunnen agedroen. Den Här Sunnen huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Fred Sunnen *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. De Lëtzebuerger Wohlfahrtsstat ass een, dee senge Bierger vill bitt. Dat wat en esou bitt, gratis oder géint Entgelt, kann een als Service public bezeechnen. Dëse Begréff ëmschreift den Ensembel vun deenen Déngschter an Déngschtleeschtungen, déi de Stat direkt oder indirekt senge Bierger ubitt, fir déi en also net muss op Privatentreprisen zréckgräifen, déi sech contrairement zum Stat virdrénglech ëm hiren eegene Benefiss këmmeren.

Konzeptioune vu Service public gëtt et vill. Et existéiere Staten an deene liberal Gesellschafts- a Wirtschaftskonzeptiounen dozou gefouert hunn, datt de Stat sech selwer nach just ëm seng eigentlech Urfunktioune këmmert, also ëm d'Police, d'Geldpolitik, d'Verteidegung an d'Grenzsécherung an de ganze Rescht der privater Initiativ iwwerléisst. E Géigemodell war dee sozialisteschen, wou am Fong alles, wat d'Versuergung vum Bierger ubelaangt huet, iwwert d'Gesondheetsversuergung, der Schoul bis zur Ernährung, a staatlecher Hand loung an zentral organiséiert war, meeschtens gratis.

Do dertëscht leien awer eng Abberzuel vu Gradatioune vum Service public, déi am Fong net nëmme mat der ideologescher Ausriichtung vun engem Stat ze dinn hunn, mä och an engem wesentlechen Deel mat de finanzielle Méiglechkeeten, déi eng zentral Administratioun huet, fir selwer Servicer ze organiséieren an ze assuréieren.

Zu Lëtzebuerg hu mer en ëmfaassende Service public mat engem ganz héije Leeschtungsniveau, wat souwuel enger politescher Grondausriichtung an eisem Land wéi och enger séier favorabler materieller Ausgangslag vun der Administratioun ze verdanken ass. An eppes wëll ech direkt am Ufank vu menger Interventioun am Numm vun der CSV-Fraktioun kloer soen: Un deem ëmfaassenden, qualitativ héichwäertegen a performante Service public hale mer och an Zukunft fest.

Den Interpellant huet eng ganz Panoplie vu Problemer am Zesummenhang mat de staatlechen Déngschtleeschtungen hei opgeworf. Dat ass am Fong gutt gemaach, well et ass schliesslech eng Thematik, déi ganz vill verschidde Fächer a Voleten huet. Allerdéngs, an dat weess den Här Krecké och selwer, huet hie kaum Léisunge fir déi vun him ugeschwate Problemstellunge geliwwert a souguer, an dat kann ee verstoen, well mer d'Aart a Weis wéi de Stat seng Déngschter ubitt, organiséiert a geréiert, weder kënnen an engem neien Text eenheetlech an uniform faassen, nach d'Verwaltungspraktiken an d'Organisatiounsforme vun haut kuerzfristeg kënnen der Geschicht iweränntwerten.

Wann dës Debatt eriwwer ass, wäerte mer eis alleguerten eens sinn, och d'Kolleege vun der LSAP an den Interpellant, datt villes ze maache bleift, obwuel haut jo nach laang net alles esou schlecht ass, wéi och dee Sondage beluecht huet an deem d'Lëtzebuerger iwwer hir Zefriddenheet mat de Verwaltungen an de staatleche Leeschtunge befrot goufen, an deem säi Resultat global ganz positiv ausgefall ass.

Ech wëll a mengem Beitrag zu dëser Debatt e puer grouss Sujete behandelen, déi am Kontext vun dem Service public wichteg sinn. Dat sinn d'Vehikele vun dëse Leeschtungen, also d'Verwaltung selwer oder ausgelagert Träger, wéi Etablissements publics. Et ass d'Liberaliséierung an d'Privatiséierung vu staatleche Leeschtungen, an et ass d'Réforme administrative.

De Stat huet en Aktiounsperimeter bannent deem hie selwer agéiert an zwar duerch seng Verwaltungen. Wann zum Beispill Mataarbechter vu bestëmmte Ministèren eng Berodungsfunktioun géintiwwer vu bestëmmten Usageren hunn, dann assuméiert eng Verwaltung selwer e bestëmmte Service public. Verschidde Funktiounen, déi de Stat ausübt, esou zum Beispill den Enseignement - eng Kompetenz, déi ee mat de Gemengen deelt -, assuréiert en direkt, ouni juristesch Tëschestufen. Si befannen sech am direkten Aktiounsperimeter vum Stat. Aner Funktiounen, wéi zum Beispill d'Gesondheetsversuergung, huet de Stat un Entitéiten delegéiert, déi eng eege Rechtsperséinlechkeet hunn an déi sech also net mam Stat u sech identifizéieren. Da befanne mer eis an engem ergänzte Statsperimeter, do wou hien net selwer direkt handelt, mä handele léisst.

Un dëser Plaz kann een e puer Wuert iwwert d'Gemenge soen, déi jo och e bestëmmte Service public ubidden. Mir féieren am Hierscht d'Debatt iwwert déi zukünfteg Kompetenzverdeelung tëschent Stat a Gemengen, oder sollt een net besser soen, iwwert d'Kompetenzvernetzung tëschent deenen zwee Niveauen.

Tatsaach ass, datt mer fir déi Debatt e grondsätzleche Problem hunn, an dat ass dee vun der fundamentaler Ongläichheet vun de Gemengen. Et kann een net soen d'Kompetenzkategorie X fält allen 118 Gemengen zou, well et do gutt ka sinn, datt 35 Gemenge mat där Kompetenz eens ginn an all déi aner net. Si ginn net domat eens, well se ze kleng sinn a well se deementspriechend keng ausreechend Strukturen a Mëttelen hunn. Dës Ongläichheet féiert zu enger prinzipieller Ongerechtegkeet a Saache Service public. De Bierger vun der grousser a räicher Gemeng X kritt nämlech am Lëtzebuerg vum Joer 2003 eng vill méi interessant an uspriechend Offer u Service public gebueden, wéi de Bierger vun der klenger an aarmer Gemeng Y.

Well deen dote Basisproblem existéiert, ass déi Debatt am Hierscht jo esou schwéier ze féieren. Eng Gemeng ass net gläich eng Gemeng. Déi Gemeng, déi ech féieren, ass net déi Gemeng, déi den Här Strotz oder den Här Loes féieren. An déi, déi den Här Di Bartolomeo féiert, ass net vergläichbar mat där, déi den Här Gira féiert.

Grad wéinst der Ongläichheet vun de Gemengen hu mer och déi Inflatioun vu Gemengesyndikater. Well op verschiddene Plaze méi gebuede gëtt, schléissen sech Gemengen, wou manner gebuede gëtt, a Syndikater zesummen an organiséiere gemeinsam e bestëmmte Service. Ausser an de Stied zu Lëtzebuerg kann een haut bal behaapten, datt ganz Kategorië vu Servicer net méi vun de Gemenge selwer mä vu Syndikater ugebuede ginn, deelweis gëllt dat souguer scho fir d'Stied.

Mir hunn et also mat enger Froestellung ze dinn, wa mer am Hierscht debattéieren, déi méi Niveaue beréiert wéi de Stat an d'Gemengen. Am Fong misst d'Fro heeschen: Wéi verdeele mer an Zukunft d'Kompetenzen tëschent der Zentralverwaltung vum Stat, den Emanatioune vum Stat, de Gemengesyndikater an de Gemenge selwer. An dat gëtt natierlech spannend, well spéitstens dann hu mer noutgedrongen eng ganz Rëtsch vun Interferenzen tëschent deene verschidden Organisatiounsniveauen. Esou oder esou, ech klameren emol de Service public vun de Gemengen haut aus mam Zousaz allerdéngs, datt ech nach eng Kéier soen, datt mer e Problem vun der Ongläichheet hunn, dee mer onbedéngt léise mussen. Soulaang mer deen net geléist kréien, kënne mer nämlech net emol vun dem Service public vun de Gemenge schwätzen, mä ëmmer nëmme vun eenzelne Servicer, déi eng bestëmmte Gemeng ubitt an eng aner vläicht net. Also schwätze mer elo emol vun deem vum Stat.

Ech hu virdru versicht de Statsperimeter, deen direkten an deen indirekten ze erfaassen. Dat geet am Fong just opgrond vun enger empirescher Erfahrung. Mir wëssen nämlech, datt et eng verbindlech Definitioun vun all deem gëtt, wat de Stat direkt a selwer iwwer seng Verwaltungen op sech hélt a vun deem, wat en un aner rechtlech Persounen ofgëtt. Mir wësse just an der Praxis, wat de Stat selwer mécht a wat net. An anere Wierder: Et steet néierens, wat de Stat genee an am Detail vu Missiounen iwwerhélt a wat en delegéiert. Woumat mer direkt bei der erëm séier aktueller Debatt iwwert d'Etablissements publics wieren.

Et gëtt dacks en Organisatiounsgesetz, eng Loi-cadre, iwwert d'Etablissements publics gefuerdert, Etablissements publics, déi als verlängerten Aarm vum Stat um Terrain agesat ginn, mä esou e Gesetz, loosst mech et direkt lass ginn, dann ass et gesot, hëlleft eis net weider a léist eise Problem net. Éischtens ass et onrealistesch esou en Text kënne sënnvoll a verbindlech ze formuléieren. Dat läit virun allem un der Verschiddenaartegkeet vun all deenen Etablissements publics, déi mer hunn, an un den Differenzen an hirem Fonctionnement, hirer Missioun an hire Gestiounsmethoden.

Zweetens kann esou eng Loi-cadre den eigentleche Problem net léisen, deen dora besteet, datt mer dann nach ëmmer net wéisste wou den direkte Statsperimeter ophält. Dat ass iwwregens och schwéier ze bestëmmen, well dat bestänneg ännert.

Et bleift, datt d'Etablissements publics de Modellträger fir Services publics zu Lëtzebuerg sinn, déi net vun de Verwaltungen direkt geleescht ginn. Vill, ganz vill Services publics gi vun Etablissements publics ugebueden. Vum Kannergeld iwwert d'Pensiounen an d'Krankegeld bis zu kulturellen a sozialen Ariichtunge gëtt déi grouss Majoritéit vun de sozialstaatlechen Déngschtleeschtunge vun Etablissements publics gedroen. Deemno ass et derwäert eis méi genee mat hinnen ze beschäftegen.

D'Statsverwaltung u sech ass eng rigid Geschicht. An eiser Konzeptioun vum öffentlechen Déngscht a mam Statsbeamtestatut, dee mer kennen, ass et dacks schwiereg bestëmmten Ziler rapid ze erreechen, déi Mataarbechter ze fannen, déi ee grad brauch an Infrastrukturen opzeriichten. Dat wësse mer, a well mer et wëssen, gräife mer ganz dacks op déi vill méi flexibel Formel vum Etablissement public zréck. Doraus ergëtt sech eng steigend Zuel vun esou Etablissementer an alle Beräicher. Zu deenen alen a klasseschen Etablissements publics, wéi d'Pensiounskeesen, d'Krankekeesen an d'Beruffschamberen, hu sech der am Laf vun der Zäit Dosenden an alle méiglechen Aktivitéitsberäicher dobäigesellt. Haut fënnt een der am Domän vun der Kultur, am Enseignement supérieur, an der Familljepolitik an doriwwer eraus.

Ech stelle ganz einfach fest, an ech beleeën dat net mat engem Wäertuerteel, datt mer eis an enger Inflatioun vun Etablissements publics erëmfannen, wou sech den Etablissement public géigeniwwer der Verwaltung selwer als déi méi attraktiv Organisatiounsstruktur fir staatlech Déngschtleeschtunge duerchsetzt.

Datt dat esou ass, huet vill mat der Onflexibilitéit vun der Verwaltung ze dinn. Ech hunn et scho gesot. Keng vun deene Parteien, déi hei zu Lëtzebuerg bis elo scho regéiert hunn, och d'LSAP net, huet et bis elo fäerdeg bruecht dësen Ëmstand déif gräifend ze änneren. Dat ass awer kee spezifesche Lëtzebuerger Phenomeen.

D'Etüd vun EIPA iwwert d'Etablissements publics seet eis jo, datt beispillsweis an Däitschland, Frankräich a Groussbritannien, niewent der eigentlecher Verwaltung,

eng Welt vun Entitéiten existéiert, déi där vun eisen Etablissements publics gläicht, an déi entstanen ass well d'Verwaltung selwer net ausgedehnt gouf, während de Stat sech trotzdeem stänneg nei Missioune ginn huet. Dat gëllt iwwregens och fir d'Regiounen an d'Gemengen, an et ass net nëmmen den Zentralstat selwer, deen eng Verwaltung huet, an Déngschleeschtungen offréiert. D'Ratio hannert der inflationärer Schafung vun ëmmer neien Etablissements publics hei am Land a soss entwouch ass déi, datt mer déi öffentlech Verwaltung selwer net wëllen ausdehnen.

Dëst ass am Fong eng sënnvoll Approche, well d'Verwaltung vum Stat selwer eigentlech dofir do ass, sech ëm hoheitlech Aufgaben ze këmmeren. Déi modern wohlfahrtsstaatlech Déngschter, déi de Stat ubitt, sinn awer nun emol net hoheitlecher Natur. An dofir ass et och richteg se aus dem immédiaten Aktiounsperimeter vum Stat erauszehalen a se vu separaten Entitéiten offréieren ze loossen. An dëser Konzeptioun läit schonn en Deel vun der Äntwert op d'Fro nom direkte Statsperimeter. Dee soll am Fong relativ enk ronderëm dem Stat seng hoheitlech Aufgabe gezu sinn, an déi Zousazleeschtungen, déi de Stat senge Bierger wëllt ubidden, sollen a separaten Trägerstrukture gemaach ginn. Ob dat mussen Etablissements publics sinn ass eng aner Fro. Do kommen ech nach derzou.

Elo ass et esou, datt d'Etablissements publics ganz verschiddenaarteg Missiounen hunn. An ech hu gesot, dowéinst mécht e Kadergesetz relativ wéineg Sënn. Do kënnt nämlech opgrond vun der Verschiddenaartegkeet vun den Etablissementer bal näischt Spezifesches a Contraignantes dra stoen. Wat méi Sënn géif maachen, an ech halen dat och fir eng Noutwendegkeet, dat wier eng legistesch Leitlinn beim Ausschaffe vun deenen eenzelne Gesetzer mat deene mer d'Etablissements publics schafen. Mir sollten an Zukunft am Detail virgesi wuerfir en Etablissement do ass, a wat en däerf an net däerf. Si sollte spezifizéiere wéi seng intern Organisatioun auszegesinn huet, wéi eng Gestiounskritären ugewannt ginn a schliesslech wéi enger Kontroll den Etablissement ënnerläit.

E gudden Deel vun deene Problemer, déi sech de Moment ronderëm e puer Kontrollrapporte vun der Cour des Comptes stellen, hätte mer net, wann d'Organisatiounsgesetzer vun Etablissements publics plazeweis méi kloer a méi ëmfangräich wieren. D'Fro zum Beispill, ob den Etablissement iergendwellech Participatiounen huele kann, déi seng Handlungsweis verbreederen, oder ob de President vun engem Etablissement sech eng kleng Exekutiv zur Säit stelle kann, fir Dossiere virzebereeden an am Detail ze surveilléieren, soll vum Organisatiounsgesetz vun deem Etablissement eendeiteg beäntwert ginn.

Hei sollte mer also an Zukunft drop oppassen, datt mer eis mat esou vill Klorheet an Däitlechkeet ausdrécken, wa mer en neien Etablissement schafen, datt et duerno eendeiteg ass wéi e genee ze fonctionnéieren huet a wat en niewent sengem formellen Objet maachen däerf.

Déi zousätzlech Prezisiounen an den eenzelnen Organisatiounsgesetzer si vill méi nëtzlech wéi e Kadergesetz an deem, par définition, net vill Verflichtendes steet. Natierlech muss sech och, a wahrscheinlech mat méi Déifgank wéi bis elo, virun der Schafung vun engem neien Etablissement public d'Fro gestallt ginn, ob dës Organisatiounsstruktur wierklech déi ass, déi sech fir déi Leeschtungen, ëm déi et konkret geet, am beschten eegent.

A Frankräich gëtt et jo, wéi den EIPA-Rapport eis dat seet, eng Trennung tëschent administrativen an industriellen a kommerziellen Etablissements publics. Elo ass et awer net völleg abwegeg fir sech d'Fro ze stellen, ob eng industriell an oder kommerziell Tätegkeet iwerhaapt soll an den öffentlechen Handlungsperimeter falen, oder ob net heifir méi grondsätzlech de private Secteur besser outilléiert ass.

Wa meng Fraktioun also der Opspléckung vun der Landschaft vun den Etablissements publics an déi zwou franséisch Kategorië skeptesch géigeniwwer steet, dann aus dësem Grond: Mir si prinzipiell der Meenung, datt eng reng kommerziell Tätegkeet wéineg mam Stat ze dinn huet, an datt dëse sech deemno och direkt an indirekt aus esou Aktivitéite soll eraushalen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Här Sunnen, wëllt Der d'Spuerkeess an d'Post dann eraushuelen?

M. Fred Sunnen *(CSV).*- Loosst mech wann ech glift weiderfueren!

De Stat ass keen Händler an en ass och keng Fabrik. Näischt hält en dovun of fir bestëmmten Aktivitéiten dem Privatsecteur ze sollicitéieren, esou datt méi rationell an am Endeffekt och méi bëlleg a méi effikass ka geschafft ginn, wéi wann den Etablissement public industriel ou commercial an d'Liewe geruff gëtt, wat da fir d'alleréischt emol d'Rad nei erfënnt.

D'Fro, déi sech an Zukunft all Kéier muss gestallt ginn, ass awer déi: Iwwerhëlt d'Verwaltung selwer d'Gestioun vun engem Service public? Iwwergi mer deen engem Etablissement public oder iwwerloosse mer en der encadréierter Privatinitiativ?

Dat sinn dräi Optiounen, déi musse gepréift ginn, ier sech zukünfteg un d'Grënnung vun neien Etablissements publics gemaach gëtt. Wann zum Beispill eng Infrastruktur soll fir d'éischt opgeriicht an dann exploitéiert ginn, da kann ech mer virstellen, datt d'Verwaltung selwer baue léisst an duerno duerch eng Privatstruktur exploitéiere léisst, souwäit se natierlech rentabel ass. Esou eng Démarche ass am Fong am Sënn vum Client a si ass am Sënn vum Stat, well e sech iwwerflëssege Verwaltungsopwand spuere kann.

Elo gëtt et allerdéngs jo nach den Ënnerscheed, a keen onwesentlechen, tëschent privat am eigentleche Sënn vum Wuert a privatrechtlech. Wann zum Beispill de Stat oder Emanatioune vum Stat, wéi Etablissements publics oder Gemengen an enger Aktiëgesellschaft bäi wäitem majoritär sinn oder souguer dat ganzt Kapital sech an öffentlecher Hand befënnt, dann hu mer glad näischt privatiséiert. Mir hu just der öffentlecher Hand déi Flexibilitéit an déi Handlungsgrondlage ginn, déi a privatrechtleche Gesellschafte gëllen, an zwar am Sënn vun der Effizienz an dem Déngscht um Bierger.

Ech hunn dofir iwwerhaapt kee Verständnis fir dem Här Krecké seng Problemer mat der privatrechtlecher Gestioun vun enger Partie Aktivitéiten um Findel oder der Erneierung vun de Führerschäiner. Souwisou missten esou Aktivitéiten dach formell ënnert öffentlechem Recht stattfannen.

***(Interruptions)***

Wat ass öffentlech? Wat ass hoheitlech un der Verlängerung vun engem Führerschäin? Datselwecht gëllt fir de Firmeregister. Wat ass öffentlech, hoheitlech, staatlech dodrun, wann e Mënsch eng Gesellschaft oder eng Associatioun umellt? Wie verlaangt, do kéint nëmmen de Stat selwer an direkter Responsabilitéit e puer Zeile Statuten ophuelen an do e Stempel drop setzen, fir datt dat Ganzt méi offiziell a méi amtlech ausgesäit, deen huet awer eng gelungen Opfaassung vun den eigentleche Missioune vum Stat. Dat huet am Iwwregen och näischt…

***(Interruption)***

Lauschtert gutt no a gitt elo net eenzel Saachen erauspicken. Dat huet am Iwwregen och näischt mat engem schlanke Stat oder engem méi korpulente Stat ze dinn. Loosst eis dach net am Feindbild täuschen. Mir baue keng staatlech Sécherheet fir déi manner déck hei am Land of, wa mer hire Führerschäi vun enger Société anonyme verlängere loossen. Ech weess am Fong guer net wat e schlanke Stat ass. Mä ech mengen awer ze wëssen, datt de Kierperëmfang vum Stat sech net doranner definéiert, ob e Beamten oder en Employé privé e Gesellschaftsstatut enregistréiert.

An dat hei beweist genee de Problem vun der LSAP. Si weess net wou se soll halbwegs iwwerzeegend Beispiller siche goe mat deenen se déi schläichend Verliberaliséierung vun eiser Gesellschaft kéint beleeën. Wien de Führerschäin an den Handelsregister muss ausgruewe goe fir de Leit ze erzielen déi aktuell Koalitioun géif hire Stat demontéieren, dee befënnt sech am akuten Argumentemangel. Dat do ass, wéi wann Der wëllt de Leit erzielen, et géif näischt mam Zuch hei am Land fonctionnéieren an Dir beleet et domadder, datt an dräi Wochen den Express vu Léck Verspéidung hat. Wann Der wëllt beweisen, zu Lëtzebuerg géif lues a lues de Stat privatiséiert ginn, dann hätt Der besser endlech emol e signifikante konkrete Fall ze benennen.

Ech sinn op jidde Fall der Iwwerzeegung, datt et plazeweis a momenterweis séier sënnvoll ass privatrechtlech Strukturen ze notze fir e bestëmmten Déngscht unzebidden, deen awer nu glat net muss un d'Verwaltung gebonne sinn. Et ass méi rationell an et ass méi bëlleg an et ass fir de Benotzer vum Service méi praktesch mat enger Gesellschaft ze dinn ze hu wéi mat der Verwaltung oder engem Etablissement public, a wann ech eng dréngend Aufgab fir de Ministère vun der Fonction publique a vun der administrativer Reform gesinn, dann ass et déi, emol e Screening vum Ensembel vun all deenen Aktivitéiten ze maachen, déi haut nach vun der Verwaltung selwer a vun Etablissements publics geréiert ginn, an déi ze identifizéieren, déi ouni Problem kéinten aus den öffentlech-rechtleche Sphären erausgeholl an a Privathänn geluecht ginn.

Dësen Exercice huet nämlech nach e Virdeel. Et gëtt kee Problem vu Statut. Mir wësse jo alleguer wéi vill Semi-, Para- a Peristatsbeamtestatute mer an deem ganze Konglomerat vun Etablissements publics an dem konventionéierte Secteur schonn an d'Liewe geruff hunn a wéi vill Misär dat um Niveau vun de Revendicatioune vun deene Betraffene mécht. Dee Problem hu mer a privat-rechtleche Gesellschaften, wou d'Leit ganz einfach Privatbeamte sinn, ni, an dat ass och gutt esou. Wa mer vu privaten oder privatrechtleche Strukture schwätzen, dann hänkt do hannendrun d'Fro vun der Liberaliséierung vun e puer Secteuren, déi de Moment nach a staatlech monopolistescher Hand sinn.

Ech hale mech net schrecklech laang op deem Terrain op, mä ech maachen duerfir awer zwou kloer Aussoen. Déi éischt ass déi, datt mer zu Lëtzebuerg jo nu wierklech keng Virreider a Saache Liberaliséierung sinn a waren. Mir hunn esou laang blockéiert wéi et alt gaangen ass an hunn eis duerno gefügt esou wéi een dat nun emol an der Europäescher Unioun mécht, wa majoritär Entscheedunge geholl ginn. Elo hu mer se, an et wäert Secteure ginn an deenen de Statsmonopol a Fro gestallt gëtt. De Statsmonopol gëtt a Fro gestallt, net de Service universel.

Meng zweet Ausso ass nämlech déi, datt kee Mënsch hei am Land wëlles huet, zum Beispill d'Waasserversuergung ze privatiséieren an d'Leit am Land vum gudde Wëlle vu privaten Ubidder ofhängeg ze maachen, wa se sech dusche wëllen. Dat kënnt iwwerhaapt net a Fro. Et ass par ailleurs och nach ni vun iergendengem gefuerdert ginn.

Wat allerdéngs stattfanne wäert ass, datt d'Konsumenten iergendeng Kéier kënnen tëschent e puer Ubidder wielen. Wann de Statsmonopol, an ech betoune just de Statsmonopol, beim Ubidde vun Elektresch, Gas a Waasser entfält, wann op eise Schinne fréier oder spéider och aner Entitéite wéi d'CFL Frachtverkéier ubidden, abee wéi e Reflex hu mer dann? Ëmmer nëmmen dee fir Zeter a Mordio ze jäizen an ze fannen elo géing et un den Acquis an den Opbau vun eiser Gesellschaft wier a Gefor.

Firwat kënnt net emol een op d'Iddi fir ze fannen d'Konkurenz kéint och emol positiv Effekter fir d'Konsumenten hunn an d'Geschäft beliewen? Wat ass da falsch drun, wann de Stat, an dat gëtt et jo haut schonn, zwar d'Versuergung mat engem bestëmmte Gutt sécherstellt, déi konkret Behandlung an d'Liwwerung dovun awer enger privater Gesellschaft iwwerléisst? Dobäi kéint emol erauskommen, datt dee ganze Service duerch déi privat Interventioun méi effikass a méi gënschteg gëtt. Wien dergéint eppes huet, dee soll dat awer da kloer an däitlech soen a beweisen.

Am Kontext vun der Liberaliséierung stellt sech am Fong just d'Fro, ob doduerch de Service public a Gefor ass. D'Äntwert op déi Fro heescht neen, well mer deen net zur Dispositioun stellen. Dat verlaangt kee vun eis an dat maache mer och net. Natierlech geet et och an dësem Zesummenhang nees eng Kéier ëm d'Aufgabe vum Stat. Wann ëmmer ënner staatlecher Opsiicht e bestëmmte Service, eng bestëmmt Fourniture och privat ka sinn a garantéiert ginn, an zwar esou, datt d'Offer un de Konsument och nach eventuell méi gënschteg ausfält wéi wann de Stat sech selwer misst ëm déi Fourniture këmmeren, da gëtt et net schrecklech vill gutt Argumenter fir dee Wee net ze beschreiden. Wéi gesot, a wéi ech scho widderholl hunn, ënnert der Viraussetzung, datt d'Fourniture garantéiert ass, an dat muss se och bleiwen.

Schliesslech wëll ech dann nach e puer Wuert iwwert d'Réforme administrative soen, déi jo eng Noutwendegkeet an eng praktesch Onméiglechkeet zugläich schéngt ze sinn. Mir hunn och eng Partie Fortschrëtter gemaach. Déi kann een ernimmen, ouni rout ze ginn. Esou zum Beispill geet et eendeiteg mam eGovernment virun, lues zwar, mä et geet virun. Mir hunn eis hei Zäit gelooss, méi Zäit wéi aner Länner, wat eis Plaz an de Statistiken erkläert, déi den Här Krecké esou gär zitéiert. Mä wat hien natierlech net seet, dat ass, datt déi, déi ganz vir bäi waren, entre-temps schonn erëm Deeler vun hirer eGovernment-Infrastruktur ofrappen, well se net fonctionnéiert. Dat geschitt beispillsweis an dësem oder deem nordeuropäesche Memberstat vun der Unioun. Mir wollte par contre Feeler a Kuerzschlëss vermeiden an dowéinst gouf vu méi laanger Hand geplangt.

Une voix.- Abee jo! Ass dat do d'Explikatioun?

***(Hilarité)***

M. Fred Sunnen *(CSV).*- Dat ännert näischt drun, datt méi a méi Verwaltungen…

***(Brouhaha général)***

…online sinn a ginn, an zwar…

***(Interruption)***

... mat fonctionnéierende Siten. Dorunner schaffe mer weider.

Och a Saache Guichets a Procédures uniques geet et virun. Et setzt sech d'Opfaassung duerch, datt een dem Bierger net kann ofverlaange sech selwer duerch dräi Verwaltungen ze kämpfen, wann hien nëmmen een Uleies huet an net wësse kann, datt domat awer dräi Verwaltungsstelle befaasst sinn. Also muss d'Administratioun selwer sech drëm këmmeren, datt dat Uleies säi Wee geet, vun enger bestëmmter Plaz aus an nees op déiselwecht Plaz zréck. An dat ass amgaang ze geschéien.

Déi zwee Beräicher si selbstverständlech Deel, an zwar e wichtegen, vun der Réforme administrative. Si ginn awer net duer. Doriwwer eraus musse Prozeduren intern reforméiert a beschleunegt, zentral Ulafstelle geschafen a bürokratesch Hürden ofgebaut ginn. Dat geet am beschten, wann een och weess wourëms de Stat sech mat de Verwaltunge soll këmmeren a wourëms net. An duerfir ass et gutt, datt mer all déi Etüden um Dësch leien hunn, déi de Ministère commanditéiert huet, well déi e Bäitrag zur politescher Debatt iwwert d'Anzugsgebitt vun der staatlecher Verwaltung liwweren.

D'Bierger verlaange vum Stat zu Recht iwwregens rapid Prozeduren, Accessibilitéit a Verlässlechkeet. Wann dat garantéiert ass, da fonctionnéiert eng Verwaltung am Déngscht vum Bierger, an dofir ass se jo och do. An domat halen ech dann op. Mir mussen eis natierlech eens sinn, wat Prioritéit huet.

Ëmmer méi an ëmmer weider nei Oplagen am Beräich vun der Ëmwelt, der Sécherheet, an esou weider, droen näischt zur Beschleunegung vu Verwaltungsofleef bäi. Am Géigendeel! Mir hätten de Moment gär schnell Prozeduren an déi gréisstméiglech Kontroll zugläich. Béides zesumme geet awer net. Dat betrëfft elo d'Betriber méi wéi den eenzelne Bierger, mä et gehéiert zum Service, deen d'Verwaltung ze garantéieren huet. An hei musse mer eis jo och iergendeng Kéier eng Relioun maachen, well mer eis soss a stänneger Contradictioun bewegen. Wa mer wëlle gären zousätzlech Kontrolletappen hunn, an dat aus gudde Grënn, da musse mer wëssen, datt dat eng Prozedur méi laang dauert. Wa mer gäre virun allem séier Prozeduren hätten, dann ass et kloer, datt mer op eenzel Kontrollaspekter verzichte mussen.

Ech hu kee Patentrezept matbruecht fir dëse Problem ze léisen. En ass mat Sécherheet och net einfach ze léisen, mä mir kommen net derlaanscht en unzegoen, wa mer wëllen d'Effikassitéit an d'Rapiditéit vun administrativen Ofleef mat héijem Kontrollstandard ënnert een Hutt kréien.

Här President, dat ware meng Iwwerleeungen zu eisem Service public a sengem Zoustand am Joer 2003. Net alles ass optimal, mä villes ass besser. Leider gëtt oft falsch behaapt, datt en net gutt wier. Eise Service public befënnt sech an enger stänneger Evolutioun. Loosse mer also déi eenzel Verbesserungsméiglechkeeten, déi mer kennen, notzen an dofir suergen, datt d'Zefriddenheet mat der Verwaltung an deene Servicer, déi se direkt an indirekt ubitt, weider zouhëlt.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Et ass also alles guer net esou schlecht, wéi den Här Krecké dat gesot huet.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Ech hunn zwou Saache festgehalen. Et ass eng interessant Ried. Är Haltung tëschent Post a Spuerkeess wäert ech mer mierken!

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Dir hutt erëm Saachen erausgehéiert, déi net gesot gi sinn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Wéi dann? Dir sot, alles wat kommerziell ass, soll ewechkomme vum Etablissement public.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Neen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Esou ass et awer gesot ginn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Gusty Graas *(DP).*- Här Krecké däerf ech elo, well et si schonn 20 Sekonne vu menger Zäit fort?

***(Interruption)***

M. le Président.- Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing mengen dës Interpellatioun bedéngt emol aganks, datt ee sech e puer Gedanke mécht iwwert den allgemenge Fonctionnement vum Statsapparat, well deen ass jo u sech oft d'Spigelbild vun der Ideologie oder der Denkform vun deene Leit, déi d'Muecht ausüben.

An Diktaturen an a strenge sozialistesch organiséierte Statsformen ass en zentralistesch ausgeriichte Statsapparat de Kär vum Pouvoir. Vun do aus gëtt jo alles décidéiert an och kontrolléiert. Dat bréngt natierlech mat sech, datt d'Fräiheet vun deem Eenzelne staark ageschränkt ass, well de Stat, dee jo oft zum Deel och d'Partei duerstellt, de Bewegungsraum vun der Privatinitiativ kleng hält. Dës Statsform ass leider nach op ville Plaze vun dëser Welt ze fannen. Zu wat et allerdéngs féiert, dat hu mer spéitstens gesinn nom Zesummebroch vun den Ostrepubliken an Europa.

An de westleche Länner ass do eng aner Approche ze erkennen, an dach ginn et awer nach tëschent deenen eenzelne politesche Stréimunge gewëssen Differenzen. Déi kruzial Fro, déi ëmmer muss gestallt ginn, ass natierlech déi wéi vill Stat mer brauchen. D'Konscht vun enger parlamentarescher Demokratie besteet jo och doran, fir en Equiliber ze fannen tëschent der Privatinitiativ an dem kollektiv organiséierten Handel.

Den Henri Grethen huet op dëser Tribün den 28. Mee 1998 gelegentlech vun enger Interpellatioun iwwert d'Fonction publique aus der Siicht vun der Demokratescher Partei dat esou ëmschriwwen: „Fir d'Demokratesch Partei huet de Stat net de Monopol, fir fir d'Allgemengwuel ze suergen. De Stat muss sech kënne justifiéieren a legitiméieren, wann en Aktivitéiten iwwerhëlt." Besonnesch eng liberal Partei zeechent sech jo doduerch aus, datt se de privaten Engagement ze schätze weess, ouni awer ze vergiessen, datt e Stat natierlech awer och grouss Verflichtunge vis-à-vis vun der Gesellschaft huet, a besonnesch vis-à-vis vun deene méi sozial Schwaachen. Dofir ass d'Demokratesch Partei géint en iwwermächtege Stat, mä stäipt sech awer och géint eng absolut Dereguléierung.

An eisem Wahlprogramm vun 1999 hu mer dat mat folgende Wierder formuléiert: „Schließlich wollen wir den interventionistischen Staat dort einschränken, wo er unnötigerweise in das Leben des Bürgers eingreift. Vielmehr wollen wir einen Staat, wo Bürger, Gesellschaft und Staat gemeinsam Verantwortung übernehmen. Der Staat muss aber den Menschen helfen, die auch wirklich auf Hilfe angewiesen sind oder nicht in der Lage sind, selbst Verantwortung zu übernehmen." Dat heescht also, de Stat muss do agräifen, wou d'Fräiheet vum Bierger a Gefor ass. Hie muss déi an der Konstitutioun festgeschriwwe Grondfräiheete garantéieren.

Wat sinn dann elo aus eiser Siicht Beräicher, wou mir e staarke Stat verlaangen? Eng wesentlech Aufgab ass ouni Zweifel d'öffentlech Sécherheet. Dat setzt virun allem natierlech och en effikasse Polizeieffectif viraus, a besonnesch an deem Domän si jo awer an deene leschte Jore ganz grouss Ustrengungen ënnerholl ginn. Nieft zousätzleche Recrutementer, an dat waren der ongeféier 90 d'lescht Joer, sinn och nei Equipementer getätegt ginn. Déi Evénementer virun dem Arcelor-Gebai, déi een awer nach ëmmer viru sech huet, beweisen awer, datt mir och hei zu Lëtzebuerg leider net vu gréisseren Ausschreidunge verschount ginn, an dofir muss eis Force publique och op déi nei Erausfuerderunge preparéiert ginn. Deementspriechend ass neit a wichtegt Ausrüstungsmaterial ugeschaaft ginn. Och ass de Fuhrpark zu engem gudden Deel erneiert ginn.

***(Interruption)***

Leider hunn déi lescht Statistike gewisen, datt virun allem Problemer um Niveau vun der Jugendkriminalitéit ëmmer méi grouss ginn. Sécher sinn do repressiv Moossnamen net ëmmer déi beschte Léisung. Eis Gesellschaft ass also gefuerdert, fir nach méi déifgrënneg Analysen iwwert déi Ursaachen ze maachen.

D'DP weess awer och wou d'Grenz zu engem Polizeistat ze zéien ass. Et ass also fir eis evident, datt mer e staarke Justizapparat brauchen, an och ënnert dëser Regierung ass do munches an d'Wee geleet ginn, wéi zum Beispill d'Erhéijung vum Personalbestand. Net méi spéit wéi gëschter ass eng Reform vun der Police judiciaire presentéiert ginn.

Sécher muss ee feststellen, dass eng Rei vun haaptsächlech klengen Delikter wéinst Personalmangel nach ëmmer net konsequent genuch verfollegt ginn, an et muss och erlaabt sinn an deem ganze Kontext sech Froen ze stellen iwwert d'Durée vu gewësse Prozesser.

En zweete Beräich, wou eiser Meenung no e staarke Stat gefuerdert ass, ass d'Ekonomie, net fir alles ze regulariséieren a fir d'Privatinitiativ ze erstécken, mä vill méi, fir de legislative Kader ze setzen, fir datt eis Wirtschaft en Environnement virfënnt, wou et attraktiv ass fir ze investéieren. Grad an deem Beräich ass ouni Zweifel an de leschte Jore vill a gutt Aarbecht geleescht ginn. Ech denken zum Beispill un d'Fiscalitéit. Jiddefalls huet d'Regierung ëmmer mat Zäit erkannt, wéini et wichteg war, fir déi néideg Legislativadaptatioune virzehuelen, fir d'Ëmfeld fir eis Betriber an dësem Land nach ze verbesseren. Ech verweisen zum Beispill op déi eenzel Steierreformen, virun allem awer och op déi vill Gesetzer, déi mer am Intérêt vun der Finanzplaz Lëtzebuerg gestëmmt hunn.

De leschten 19. Juni hu mer iwwregens op dëser Plaz als eent vun deenen éischten EU-Länner zwou wichteg EU-Direktiven an eist nationaalt Recht transposéiert, wat d'Applicatioun vun der TVA ubelaangt, an doduerch erlabe mer eis et nei Gesellschaften op Lëtzebuerg unzezéien, déi u sech fir zousätzlech Recettë wäerte suergen.

Dat wichtegt Gesetz vun 1993 iwwert de Secteur financier ass op dëser Plaz scho regelméisseg ugepasst gi fir, wéi gesot, d'Finanzplaz nach méi kompetitiv ze maachen. A wa mer scho vun der Promotioun vum Standuert Lëtzebuerg schwätzen, muss een awer och op d'Effortë vum Wirtschaftsminister hiweisen. Dat geschitt ouni Zweifel mat enger grousser Intensitéit, och wa verschidde Leit dat ëmmer wëllen duerstellen, wéi wann dat net esou de Fall wär, an dofir erlaben ech mer kuerz aus dem Echo de l'Industrie vum Oktober 2002 d'FEDIL ze zitéieren, déi geschriwwen huet: «Les efforts du Ministère de l'Economie pour le développement et la diversification de notre site industriel ont été poursuivis sans relâche durant les années écoulées.»

Och um Niveau vun der Ausbildung an der Formatioun ass ouni Zweifel e staarke Stat gefuerdert. D'Organisatioun an de Fonctionnement vun eisem Schoulsystem si mat eng vun de wichtegsten Aufgabe vun der öffentlecher Hand. Et ass ouni Zweifel dee Service public - well dat ass och ee Service public -, dee mat entscheedend ass fir d'Zukunft vun eiser Gesellschaft. An och op deem Gebitt, ouni elo hei an den Detail ze goen, mengen ech, brauch sech dës Regierung, a virun allem d'Demokratesch Partei net ze schummen, ganz au contraire! Et géing vill ze vill wäit féieren, fir hei op den Detail vun deenen eenzelnen Initiativen anzegoen.

Dann ass natierlech d'Organisatioun vun eisem Gesondheets- a Sozialwiesen weider eng wichteg Aufgab vum Stat.

Déi rasant Entwécklung vun eisem Land, an dat spiere mer jo an deene leschte Jore besonnesch, bréngt natierlech och mat sech, datt ee Konzepter muss opstellen ënnert wat fir enger Form dëst Land sech soll an deenen nächste Joren entwéckelen. Dofir fält jo och dem Aménagement du territoire eng grouss Roll zou, déi vum Stat muss wouergeholl ginn. Et ass dat eng Aufgab, déi an deene leschte Jore vill méi u Bedeitung gewonnen huet an dës sektoriell Politik ass ouni Zweifel zu engem wichtege Bestanddeel vun der globaler Politik insgesamt ginn.

D'Dezentraliséierungspolitik ass jo een Element vun der Landesplanung an do kommen ech dann eben och direkt erëm op d'Qualitéit vun den Déngschtleeschtungen ze schwätzen, well dat u sech nach net direkt hei och touchéiert gi war. Well et ass wichteg, wann ee gär effikass Services publics ubitt, datt de Bierger déi kann um nooste Wee erreechen, an datt hien och déi mannsten Zäit muss verléieren, fir se kënnen ze bëusprochen. Dofir ass et also wichteg, datt een d'Services publics esou no wéi méiglech beim Bierger usidelt.

De Moment gi jo ganz vill Services publics, ech denken un d'Spideeler, ech denken un d'Verwaltungen, Schoulen an esou weider, um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg ugebueden. Dofir ass et och ze begréissen, datt elo verstäerkt Ustrengunge gemaach ginn, fir eng gewëssen Délocalisatioun an d'Wee ze leeden. En excellent Beispill si jo do d'Friches industrielles, a mir hunn op dëser Plaz scho wéi oft op dee risege Chantier higewisen a grad do gëtt eis jo awer elo d'Méiglechkeet gebueden, fir eng Dezentraliséierungspolitik an d'Wee ze leeden, fir ebe gewësse Services publics dem Bierger da méi no ze bréngen, an et kann een d'Regierung och nëmmen encouragéieren op deem Wee do virunzefueren.

Och d'Absicht d'Lycéeën elo méi iwwert d'Land ze verspreeën ass de richtege Wee an ech wëll just hei op e rezente Projet hiweisen, deen de Conseil de Gouvernement elo arrêtéiert huet, an zwar d'Schafung vun engem neie Lycée am Réidener Kanton.

Tëschent dem Aménagement du territoire an dem Ëmweltschutz besteet natierlech awer och en direkte Lien. A wa mäi Virriedner virdrun hei drop higewisen huet, datt mer mussen oppassen net iwwerzeregulariséieren, net ze vill nei gesetzlech Dispositiounen, besonnesch ebe wat den Ëmweltschutz ubelaangt, ze schafen, dann huet hien am Fong net Onrecht. Op där anerer Säit ass et awer och eng Verflichtung vum Stat, fir dofir ze suergen, datt d'Qualitéit vun de Leit permanent verbessert gëtt, well béid Beräicher, den Aménagement du territoire an den Ëmweltschutz, sinn net ze trennen. De Stat huet also och eng allgemeng Verflichtung déi natierlech Ressourcë wäit gehendst ze schützen. Dofir musse mer permanent e legislative Kader, ouni natierlech iwwerzereglementéieren, do sinn ech ganz mat Iech d'accord, an d'Wee leeden. Dat féiert onweigerlech zu Konflikter, wéi mer dat jo och Dag fir Dag wäerten erliewen.

D'Konscht besteet natierlech och dodran, fir en Equiliber ze fannen tëschent Puristen a Pragmatiker. En allgemenge Konsens, mengen ech, misst awer hei virherrschen, datt an Zukunft all Agrëff, deen ouni Zweifel en direkten Impakt op d'Natur huet, am Virfeld misst enger Studie ënnerleien, fir kënnen ofzeweie wat d'Konsequenze fir déi natierlech Ressourcë sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum gudde Fonctionnement an zu der Qualitéit vun de Services publics gehéieren ouni Zweifel d'Infrastrukturen an den Equipement. Virun allem am informatesche Beräich, an dat ass jo elo schonn e puermol hei vun de Virriedner ugeklongen, musse permanent Adaptatioune virgeholl ginn.

Een, dee jiddefalls behaapt, an den Här Krecké huet dat jo erëm lapidar an esou fräi vum Hocker hei gemaach, et wier näischt op deem Gebitt geschitt, dee gëtt wierklech keng objektiv Betruechtung of.

***(Interruption)***

Et gëtt net genuch Beweiser, Här Krecké, an ech wäert och elo mat anere Beweiser kommen, fir lech kloer ze maachen, datt et onfair ass fir einfach esou hei ze behaapte wéi wann op deem Gebitt geschlof gi war. Dat ass jo en Terme, deen Der ëmmer ganz gäre benotzt, fir esou pauschal Aussoen ze maachen, Dir maacht näischt, Dir verschlooft, Dir kuckt der Entwécklung no. Ech fannen dat ass net onbedéngt eng ganz intelligent Approche fir Politik ze kommentéieren.

***(Interruption)***

Et soll ee sech mat der Saach ausernee setzen an et soll een och wierklech Realist sinn a kucke wat scho realiséiert ginn ass ënnert dëser Majoritéit. Jiddefalls, Dir berufft lech hei ëmmer op déi sou genannte Pisa II-Etüd, déi vun der Europäescher Kommissioun gemaach ginn ass. Och dat muss een emol relativéieren. Et däerf ee jo awer net vergiessen, datt do u sech 20 Aktiounsfäll definéiert gi waren, déi net onbedéngt alleguer zu de Prioritéite vun dësem Stat gehéieren.

Da muss een och drop hiweisen, dat ass nun eben eng Tatsaach, datt eis awer bescheinegt gëtt, datt mir bis elo déi gréisste Progressioun gemaach hunn. An ech wëll och nach eng Kéier drun erënnere wéi déi Bewäertung do gemaach ginn ass. Datt eng ganz Rei vu Projete schonn entaméiert waren um informatesche Plang, déi guer net a Considératioun gezu goufen, well se eben zu deem Zäitpunkt nach net ofgeschloss waren. Ëmmerhin, an dat däerf een awer och net vergiessen, si 70 Projeten de Moment an der Ëmsetzung. Selbstverständlech komme mer vu ganz wäit hier a mir hunn nach eng Rei Retarden opzehuelen.

Ech wëll elo nëmmen unhand vu fënnef Punkten hei ënnersträichen, datt seriö Efforte gemaach goufen, fir um informatesche Plang dëse Stat no vir ze bréngen.

Éischtens emol gëtt et haut en integréierte System fir déi informatesch Gestioun vum Personal beim Stat. Zweetens si fir de Centre informatique, an dat kann ee liicht an deene vergaangene Budgeten nokucken, d'Kreditter drastesch an deene leschte Joren erhéicht ginn. Drëttens ass d'Steierverwaltung zënter dem 20. Juni online. Iwwregens ass och an dëser Verwaltung elo geplangt fir eng grouss Partie vun de Serveuren enger externer Gesellschaft ze iwwerdroen.

Véiertens, dat neit Marchés-publics-Gesetz, wat mer jo rezenterweis hei gestëmmt hunn, dréit jiddefalls och der Informatik eng ganz grouss Rechnung. Dat erlaabt nämlech elo virun allem och den Entreprisen, déi jo net ëmmer interessant administrativ Aarbecht iwwert de Wee vun dem PC ze maachen.

Ech muss dann och hei mat d'Satisfaktioun feststellen, wann een op de Site geet vun der Administration des Bâtiments, datt een do elo schonn Informatioune fënnt, datt een och esouguer säi Bordereau kann erofbestellen.

Fënneftens hu mer jo awer och e wichtegt Gesetz hei viru 14 Deeg gestëmmt wat d'Applicatioun vun der TVA ubelaangt, an am Kader vun deem Gesetz ass et och elo an net méi spéit wéi, mengen ech , zënter gëschter fir d'Betriber méiglech hir d'Deklaratioun vun der TVA online an der zoustänneger Verwaltung, also dem Enregistrement, ofzeginn, och dat bedéngt duerch eng gutt Zesummenaarbecht tëschent dem Enregistrement an dem Centre informatique de l'Etat. Dowéinst, wéi gesot, soll een also méi eng objektiv Appréciatioun ginn iwwert déi Aarbechten, déi bis elo scho realiséiert goufen, an et kënnt een déi Lëscht hei problemlos weiderféieren.

***(Interruption)***

Selbstverständlech ginn ech ganz gären zou, datt et nach eng Rei…

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Sot mir, ob se objektiv ass, jo oder neen?

M. Gusty Graas *(DP).*- Dir hutt mir wahrscheinlech elo just net nogelauschtert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Dach, ech hunn lech nogelauschtert. Ass déi Etüd objektiv, jo oder neen?

M. Gusty Graas *(DP).*- Ech hunn lech elo Erklärungen hei ginn. Et muss een och no der Zäit kucken, wéini déi Etüd gemaach ginn ass. Et sinn awer Virgabe gi fir déi Prioritéiten, déi mir als Stat hunn, an nach eng Kéier, et sinn eng Rei Objektiver…

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur*.- Ass se objektiv, jo oder neen?

M. Gusty Graas *(DP).*- An deem Sënn ass se dann net objektiv, well et sinn eng Rei vu Projeten, déi entaméiert waren, a wann Der virun engem gudde Joer mat der Kommissioun vun der Fonction publique un där Visit deelgeholl hätt vun dem Centre informatique de l'Etat, wou jo awer och Frënn aus Ärer Partei dobäi waren, do krute mer nämlech d'Explikatiounen, firwat datt een déi Etüd muss staark relativéieren.

Ech ginn awer ganz gären zou, selbstverständlech, et ass näischt perfekt, et mussen nach eng Rei vun Adaptatioune gemaach ginn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Dovu sidd Der awer nach wäit ewech!

M. Gusty Graas *(DP).*- Dat huet awer och aner Ursaachen, firwat datt mer vu wäit hierkomm sinn. Loosse mer net ëmmer erëm ze vill an d'Vergaangenheet goen, mä et kënnt een do awer nach munches soen.

Dofir, et ass falsch wann een einfach hei lapidar behaapt et géinge keng Efforte gemaach gi fir dëse Stat ze moderniséieren a virun allem fir d'Verwaltung besser ze informatiséieren.

Zulescht gëtt natierlech dann och ëmmer verlaangt, datt d'staatlech Verwaltunge méi no beim Bierger musse sinn. Dat heescht ganz kloer am Zäitalter vun de moderne Kommunikatiounsmëttel, datt déi och nach musse méi effikass agesat ginn. Datselwecht gëllt fir d'Heures d'ouverture vun de Büroen, an do muss een awer soen, datt natierlech un éischter Linn hei och d'Gemenge befaasst sinn. Ech wëll awer deen Débat hei net direkt verdéiwen, well mir kréie jo nach spéitstens no der Vakanz d'Geleeënheet fir iwwert d'Kompetenze tëschent dem Stat an de Gemengen hei ze diskutéieren, obwuel dat och e wichtege Volet ass, deen ee kënnt mat an déi ganz Diskussioun integréieren.

Da gëtt och ëmmer hei monéiert, et wier nach kee Biergerbüro installéiert ginn. Ech kann awer soen, datt do schonn eng Rei vu Viraarbechten an d'Wee geleet goufen. Et ass jo kloer datt de Bierger, an dat zu Recht, verlaangt, datt eben d'Déngschtleeschtunge vum Stat a vun de Gemenge séier an effizient sollen ausgefouert ginn.

***(Interruption)***

Ech iwwerloossen dat méi kompetente Leit.

***(Interruption)***

Här Di Bartolomeo, déi wäerten Iech do schonn déi néideg Erklärunge ginn. Mir hunn och nach eng Motioun, do steet och nach iwwert d'Biergerbüroen eppes dran, also gedëllegt Iech, Dir kritt schonn déi néideg Erklärung.

***(Interruption)***

Ech wëll iwwregens och soen, datt et jo awer och d'Absicht vun der Regierung war vu vireran, fir, wéi gesot, d'Déngschtleeschtungen nach méi effikass unzebidden. Ech wëll nach eng Kéier hei op d'Regierungserklärung zréckkommen, wou zitéiert ka ginn: «Il est plus particulièrement renvoyé à la nécessité d'un Etat efficace qui devient un atout notamment pour la société et l'économie du pays et qui évite toute intervention inutile dans la vie du citoyen imposant des contraintes injustifiées à la communauté.»

Do also, wou nogewise ka ginn, datt d'Privatinitiativ dem Bierger en Déngscht besser realiséiere kann, muss et awer méiglech sinn dat zumindest hei unzediskutéieren an dat net direkt als eppes Béises duerzestellen.

Ech wëll och hei drun erënneren, datt de Conseil économique et social, dee sech jo am Oktober 2001 och an engem gudden Dokument mat dem Rôle vum Stat beschäftegt huet, Folgendes zu därselwechter Problematik festgehalen huet: «…le CES est notamment d'avis que les missions imparties par la société à l'Etat ou aux collectivités locales ne doivent pas nécessairement être exécutées par les administrations publiques.» E schreift weider: «…les missions de l'Etat devraient être confiées aux opérateurs publics ou privés qui sont le mieux à même de fournir le service selon des critères de qualité prédéterminés.»

Wéi gesot nach eng Kéier, eng sou genannten Auslagerung vu Servicer aus dem Statsbetrib soll een also a priori net onbedéngt ëmmer als eppes ganz Béises duerstellen. Allerdéngs muss natierlech dann nogewise ginn, wa mer gewësse Servicer oftrieden, datt dat awer och Virdeeler fir de Bierger mat sech bréngt, an datt virun allem awer och d'Interesse vun de Beamte respektéiert ginn.

Datselwecht Argument gëllt och fir d'Liberaliséierung vu verschiddene Secteuren. Ech denken un d'Telekommunikatiounen, de Gas oder den Elektresch. A wann et mer erlaabt ass, och do eng kuerz Klamer opzemaachen: Ganz kloer stäipe mir eis och als Demokratesch Partei dergéint, datt d'Waasser soll do drënner falen. Schliesslech däerf een dann och net vergiessen…

***(Interruption)***

Dat ass eng aner Fro. Mä dowéinst kommen ech jo och direkt dodrop, Här Huss. Et däerf een och net vergiessen, datt mer jo awer an enger europäescher Gemeinschaft liewen, an datt mer deementspriechend och eng Rei vu Services publics hei zu Lëtzebuerg mussen eben deenen neie Contrainten upassen.

***(Interruption)***

Libéralisatioun heescht jo och net automatesch Privatisatioun.

***(Interruptions)***

Une voix.- Et sinn och Lëtzebuerger Ministeren dobäi.

M. Gusty Graas *(DP).*- Dir musst soen: Et waren och emol Lëtzebuerger Ministeren dobäi. Also, dat hei ass jo och net zënter gëscht a virgëschter alles entwéckelt an et kann ee jo net vu vireran eng Libéralisatioun, wéi gesot, nach eng Kéier als eppes Béises duerstellen, wann et sech erausstellt, datt et am Intérêt vum Bierger ass, datt dee Secteur public do besser kann ugebuede ginn, méi effikass.

***(Interruption)***

Da verschléisst Dir Iech fir déi Diskussioun ze féieren. Ech mengen dat ass Äre Point de vue, eisen ass eben anescht.

Wa mer iwwert d'Libéralisatioun schwätzen, da muss ee jo dann och kuerz op d'Eisebunn hiweisen.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Ech mengen och do bestinn eng Rei vu Contrainten. Da wëll ech drun erënneren, datt jo just ënnert dëser Regierung enorm Efforten op deem Gebitt gemaach gi sinn an et sinn nach keng dräi Wochen hier, dunn hu mer hei wichteg Gesetzer gestëmmt wou insgesamt bal eng Milliard Euro votéiert ginn ass fir d'Infrastrukture vun der Lëtzebuerger Eisebunn ze adaptéieren, da kann een also och net do soen, datt dat am Endeffekt…

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Et läit nach kee Meter Schinnen.

M. Gusty Graas *(DP).*- Et läit nach kee Meter Schinnen, Här Krecké. Et ass nun eben esou an engem Rechtsstat, datt ee fir d'éischt muss eng Base légale hu fir kënnen eng Aarbecht ze exécutéieren. Wann Dir déi Base légale vläicht virun e puer Jore scho geschafen hätt, dann hätt den Här Grethen elo schonn d'Méiglechkeet gehat, Schinnen ze leeën, mä Dir hutt dat jo deemools net gemaach. Mir mussen elo erëm déi Retarden ophuelen, déi Dir ebe verschlof hutt. Dofir, wann ech glift, gitt Iech hei net ëmmer selwer elo ukloen, wéi et an der Vergaangenheet war.

***(Interruptions)***

Wësst Der, Här Asselborn, jiddfereen huet jo seng Virstellunge vun der Zukunft. Ech si jiddefalls iwwerzeegt, dass mer déi dote Fro dem Wieler iwwerloosse sollen.

Eppes ass jiddefalls ganz kloer, wa mer iwwert d'Liberaliséierung schwätzen, wa mer iwwer Auslage vu Servicer schwätzen, datt nach wie vor natierlech e Contrôle vum Stat muss garantéiert bleiwen. Ech huelen d'Beispill Führerschäin, wat jo och hei vum Här Krecké duergestallt ginn ass wéi wa mer do eppes Onméigleches gemaach hätten.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Ass et hoheitsrechtlech oder net?

M. Gusty Graas *(DP).*- Et geet just ëm den administrative Volet. Dir wësst ganz genee, datt de Volet contentieux vum Führerschäin nach wie vor an dem Ministère ugesidelt ass, an datt et hei just ëm reng administrativ Saache gaangen ass.

***(Interruption)***

Nach eng Kéier: Sidd Dir dann dergéint, datt de Bieger méi schnell, méi séier eng Verlängerung vun engem Führerschäin zum Beispill elo kritt.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Dat hätt Der och kënnen iwwert deen anere Wee maachen. Dat do ass jo awer Quatsch.

M. Gusty Graas *(DP).*- Dat ass kee Quatsch. Da frot elo emol déi Leit. Ech menge mir hunn dat ganz bewosst gemaach fir déi heiteg spezifesch Déngschtleeschtungen ze verbesseren.

An da wëll ech Iech och emol nach soen, den SNCT ass jo awer bäi wäitem, zur gréisster Majoritéit aus staatlechem Kapital zesummegesat.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Dat ass dach egal.

M. Gusty Graas *(DP).*- Dat ass net egal an et däerf een net vergiessen, datt nach wie vor de Ministère en Droit de contrôle huet, an datt alles nëmmen ënnert dem Contrôle vun deem Ministère fonctionnéiert. An duerfir: Och hei kann een Är Argumenter jiddefalls net gëlle loossen.

Ech fannen et jiddefalls net korrekt, wann Der an Ärem Pabeier, wou Der op siwe Säite jo wëllt dann déi grouss Iddie formuléieren, wéi de Lëtzebuerger Stat an Zukunft soll...

***(Interruption)***

Jo, mä fir dat op siwe Säiten ze maachen, do soen ech awer ganz éierlech, ech hu se e puermol gelies, mä ech hunn awer wierklech missen d'Lupp huele fir eppes Konkretes ze fannen. Wann Der dann awer schreift, dat fannen ech awer ganz grave, éierlech gesot, dës Regierung géing déi bestoend Situatioune verkomme loossen, also, Här Krecké, da sidd Der awer wierklech net méi objektiv.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Dat sidd Dir beim Führerschäin och net.

M. Gusty Graas *(DP).*- A mir loossen also alles verkommen. Dat heescht dës Majoritéit léisst de Stat dobausse verkommen. Dir gitt elo duerch d'Verwaltungen an do gesidd Der nach just Spawecken. Dir gesitt also nach just Spawecken. Well zënter véier Joer geschlof gëtt, hänken also d'Spawecken an deem Lëtzebuerger Stat. Wann dat Är Meenung ass, dann zielt de Leit dobaussen dat do. Ech fannen et net fair, ech fannen dat do net fair, wann een esou Wierder gebraucht. Verkomme loossen ass e ganz graven Terme an dofir, wéi gesot, wier et gutt wann Der bei der Wortwahl vläicht an Zukunft géingt e bëssel che méi virsiichteg ginn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Also do ass d'DP awer wierklech déi, déi misst Selektioun maache bei der Wortwahl!

M. Gusty Graas *(DP).*- Wa mer scho bei der Diskussioun hei sinn iwwert d'Servicer, déi net méi direkt vun der Fonction publique sollen ausgefouert ginn, da komme mer natierlech direkt iwwert d'Diskussioun zu den Etablissements publics, wou och hei richtegerweis sech schonn eng Rei vu Gedanke gemaach si ginn. Mir hu jo mëttlerweil hei zu Lëtzebuerg eng ronn 56 Etablissements publics, déi wéinegst goufen, iwwregens dat nëmmen en passant gesot, vun dëser Majoritéit geschafen. An där Etüd, déi och schonn e puermol hei zitéiert ginn ass, ass sech jo méi intensiv mat där Fro beschäftegt ginn, dofir ass et och gutt, datt déi Etüd an Optrag gi gouf, an do si jo eng Rei vu Recommandatioune formuléiert ginn.

Ënner anerem kommen déi Expäre jo zur Konklusioun, datt ee soll eng Loi-cadre schafe fir wéi gesot méi kloer d'Kritäre festzehalen. Ech wëll awer och hei ënnersträichen, datt déi Etüd awer eng interessant Ausso gemaach huet, an zwar geet et do ëm d'Dezentralisatioun. Datt och do gewarnt gëtt, datt ee vläicht net ze vill soll dat pousséieren. Ech erlabe mer dat och hei ze zitéieren: «La structure administrative du Grand-Duché étant caractérisée par sa taille modeste, une faible bureaucratisation et une hiérarchie relativement plate, les décideurs luxembourgeois doivent être conscients qu'une décentralisation trop poussée serait à la fois coûteuse et superflue.»

Bon, et kann een iwwert esou Aussoen diskutéieren, mä zumindest ass et awer ëmmer emol interessant fir esou eppes awer da mat an d'Diskussioun ze werfen. Natierlech, wéi gesot, si mer an der Situatioun, wou mer eis Gedanke musse maachen, wat fir eng Forme vun Etablissements publics gëtt et hei zu Lëtzebuerg. Wéi kënne mer dat méi an Aklang bréngen? Och an deem Sënn hunn ech eng Motioun hei mat Kolleege preparéiert, déi ech wäert herno ënnerbreeden, fir wéi gesot där ganzer Problematik nach vill méi Stellewäert ze ginn. Ob een elo eng Loi-cadre mécht oder ob een dat ënnert enger anerer Form mécht, ech mengen dat ass zweetrangeg. Wichteg ass, datt mer eis deem unhuelen, an datt mer méi kloer Kritäre festhale wéi an Zukunft sollen d'Etablissements publics fonctionnéieren.

Eppes ass kloer, et kann een een Etablissement public net mat engem aneren Etablissement public vergläichen, well se ebe verschidde Vocatiounen hunn. Wat awer ëmmer erëm muss iwwert deem Ganze stoen, dat ass de staatleche Contrôle. De Stat muss nach wie vor awer och d'Surveillance behalen, well et däerf ee jo awer net vergiessen, datt och d'Etablissements publics öffentlech Gelder maniéieren, an dofir ass et fir eis jiddefalls evident, datt e gewëssene Contrôle garantéiert muss ginn. An do renvoyéieren ech zum Beispill erëm eng Kéier op d'Marchés-publics-Gesetz, wat mer elo kierzlech hei votéiert hunn, wou d'Demokratesch Partei u sech déi war, déi vun Ufank u kloer gesot huet, mir hätte gär, datt d'Etablissements publics sollen ënnert dat Gesetz falen, eben aus där Iwwerleeung eraus, a mir krute jo och do Satisfaktioun bis op eng Ausnahm.

Wa mer natierlech iwwert d'Effikassitéit vun dem Secteur public schwätzen, dann ass och direkt e Lien ze maachen zu de Finanze vun dësem Stat. Dat ass evident. Och do muss een awer feststellen, datt ënnert dëser Regierung ganz virsiichteg Finanzpolitik gemaach gëtt. An ech wëll drop hiweisen, datt d'Scholdelaascht bis d'Joer 2007 ganz ofgebaut gëtt.

Zu den Haaptkritäre vun engem gudde Service public gehéiert selbstverständlech awer och d'Form wéi de Bierger an enger Verwaltung traitéiert gëtt. Den Accueil am Bureau oder déi Aart a Weis wéi een op där anerer Säit, wann een télefonéiert, emfaange gëtt, sinn natierlech ganz wichteg a séier extrapoléiert een déi Meenung, déi entstanen ass duerch Erfahrung, op de ganze Statsapparat, obwuel een och do relativéiere soll.

D'Afëierung vum Numéro vert gesinn ech als eng ganz positiv Initiativ un. Si erlaabt et de Leit sech onproblematesch direkt ze informéieren. Och do ass bewise ginn, och wann et nëmmen eng punktuell Moossnam ass, datt de Wëllen do ass, datt de Stat nach soll méi biergerno gestalt ginn.

Wa mer natierlech vun effikassen Déngschtleeschtunge schwätzen, dann ass et evident, datt een awer och muss iwwert d'Beamte schwätzen. D'Motivatioun vun de Beamten ass jo awer och eng Viraussetzung, datt gutt Déngschtleeschtunge kënnen ugebuede ginn. Ech hat virdrun esou e bëssen d'Gefill wéi wann den Här Krecké dat wéilt ëmschëffen, fir a senger Sprooch ze bleiwen, fir déi Problematik net brauchen unzeschwätzen. Et ass an där ganzer Diskussioun awer och wichteg, datt mer op d'Motivatioun vun de Beamte hiweisen. Mir kënnen net en effiziente Stat opbauen, wann dat net am Dialog a mat der Ënnerstëtzung vun de Beamte geschitt.

Virdrun ass schonn hei d'Stéchwuert Accord salarial gefall. Ech wëll dat nëmme kuerz an Erënnerung bréngen. Zënter 1999, wou d'CSV an d'DP zesumme sinn, sinn zwee Accords salariaux ënnerschriwwe ginn. Dee leschte war 1999.

***(Interruption)***

Här Krecké, Dir sot wuel, ech wëll just e Constat maachen, méi maachen ech net, mä ech gesinn, dat mécht Iech awer nervös, wann een drop hiweist, datt wéi Dir an der Regierung waart, dat awer jiddefalls vill méi problematesch war.

***(Interruption)***

Sidd Dir géint deen Accord salarial?

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Et ass awer keng grouss Errungenschaft, datt Dir zwee Accords salariaux ënnerschriwwen hutt.

Plusieurs voix.- Et ass ganz normal.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Et ass d'Realitéit, Spawecken ewechmaachen. D'Leit wäerten et wëssen ze appréciéieren.

***(Interruption)***

M. Gusty Graas *(DP).*- Här Krecké, ech stelle just fest, datt et eng Chambre des Fonctionnaires et Employés publics gëtt, déi ëmmer vun enger Période sombre geschwat huet.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat war eng ganz schwaarz.

M. Gusty Graas *(DP).*- Dat war eng Period, wou d'Demokratesch Partei net an der Regierung war.

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Dat do fannen ech ëmmer bëlleg.

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert net, loosst dach den Här Graas schwätzen. Déi aner solle roueg sinn an nolauschteren. Et geet net fir de Riedner dauernd ze ënnerbriechen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Den Här President huet dat net gären.

***(Brouhaha général)***

M. Gusty Graas *(DP).*- Dat mannst wat ee soe kann, dat ass, datt elo jiddefalls erëm eng Dialogkultur besteet. Et ass erëm Rou am Secteur, an dat ass eng Viraussetzung, fir datt ee mat de Beamten zesumme kann en effikasse Stat opbauen, wat och bedéngt, datt ee ka besser Déngschtleeschtungen dem Bierger ubidden. A wann een dann hei seet, et wär nëmmen eng Ukënnegungspolitik, déi ee géing hei bemierken…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Très juste!

M. Gusty Graas *(DP).*- Neen, dat ass net très juste. Deen Terme huet emol fir aner Ministere gegollt, déi fréier an der Regierung waren, dat gëllt mat Sécherheet net fir déi Leit, déi haut d'Responsabilitéit am Ministère vun der Fonction publique hunn.

***(Interruption)***

A wann Dir mengt, mir hätten nëmmen ugekënnegt, da wëll ech lech och nach soen, datt mer nach en neie Statut hei gestëmmt hunn, dee jo awer och dozou bäidréit, datt de Beamte méi motivéiert ass, datt hie méi Méiglechkeete kritt, datt de Stat méi effikass gëtt, datt d'Déngschtleeschtunge besser ginn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Sot eis, wéi vill Leit kënnen Deelzäitaarbecht maachen ënnert deem neie Statut?

M. Gusty Graas *(DP).*- Also Dir stellt awer Froen hei!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dat si just déi Froen, déi d'Leit sech dobausse stellen. Sot eis et emol.

M. Gusty Graas *(DP).*- Verschidde Leit, déi verdroen d'Wourecht net. D'Wourecht ass déi, datt mer e modernen neie Statsbeamtestatut ausgeschafft hunn, dee mat Ärer Ënnerstëtzung hei gestëmmt ginn ass, an dee mat Sécherheet och dozou bäidréit, datt dëse Stat méi eng geséchert Zukunft huet. Sot elo net de Contraire. Dat ass esou, ouni Zweifel.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Entschëllegt, Här President, däerf ech just eng Prezisioun hei maachen? Den Här Graas adresséiert sech un d'Sozialisten, wéi wann d'Sozialisten an deene leschte fofzéng Joer de Minister vun der Fonction publique gehat hätten. Déi aner Säit sëtzen déi Leit, déi de Minister vun der Fonction publique gestallt hunn.

Also wa Kriticken un der viregter Regierung ze maache sinn, dann adresséiert lech un d'CSV. Wa Kriticken un der Gesondheetspolitik gemaach gi sinn, dann hutt Dir lech jo ëmmer un d'LSAP adresséiert. An deem heite Fall huet d'CSV zënter X Joren, Här Graas, dee Minister do gestallt. Wann der Kritik ze maachen hutt un der Politik vun der Fonction publique, dann adresséiert lech un Äre Koalitiounspartner, wann ech glift.

M. le Président.- Den Här Graas adresséiert sech un d'Chamber an Dir ënnerbriecht hien, esou datt Dir selwer den Androck gitt, datt Dir lech getraff fillt.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Mä iwwerhaapt net, Här President. Elo sidd Dir erëm eng Kéier partial.

M. le Président.- Dir braucht jo net ze reagéieren. Déi Säit reagéiert keen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, dës Kéier si Der ausnahmsweis erëm eng Kéier parteiesch.

M. le Président.- Glift?

***(Brouhaha général)***

Den Här Graas huet allgemeng geschwat, awer Dir ënnerbriecht hien esou, wéi wann Dir lech getraff géift fillen. Dir sollt roueg sinn an nolauschteren, a wann Dir eppes ze soen hutt, da kënnt Der jo herno d'Wuert froen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Elo maache mer emol seriö virun. Ech gesinn, Dir hutt nach alleguerte vill Zäit zur Verfügung, et besteet also d'Méiglechkeet fir herno Stellung ze huelen. Esou kënne mer net virufueren, dat ass dach de Moment keng seriö Debatt.

Här Graas fuert virun.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, ech ginn dann iwwer zum Sujet vun der Verwaltungsreform. Ech hoffen, datt dat zu manner excitéierte Reaktioune wäert féieren.

***(Interruption)***

Ech muss just feststellen, datt eenzel Leit einfach Schwieregkeeten hu matgedeelt ze kréien, wat viru Joren emol eng Kéier an dësem Land war.

D'Verwaltungsreform, e permanente Sujet. Do ass emol fréier vun engem Monster vu Loch Ness geschwat ginn, mä eppes ass kloer, datt d'Verwaltungsreform eppes Eternelles quasi ass, déi sech duerch Continuitéit, Regularitéit an och Ausdauer auszeechent, eng Aarbecht jiddefalls, déi vu banne muss geschéien an déi net däerf vu baussen octroyéiert ginn.

Dës Regierung ass sech ouni Zweifel där Problematik bewosst an huet schonn eng Rei vu Mesuren an d'Wee geleet, fir déi Reform weider ze dreiwen. Eng effikass Verwaltung schafen, heescht natierlech awer och bestoend Strukturen ofänneren, se suppriméieren oder nei ze adaptéieren.

An ech wëll och hei op e konkret Beispill hiweisen, an dat ass d'Schafe vun enger neier Verwaltung, an zwar d'Schafe vun engem Waasserwirtschaftsamt, wat praktesch op de Schinne steet, wou mer nach op den Avis vum Conseil d'Etat waarden a wou ech iwwerzeegt sinn, datt mer dat Gesetz wäerten nach am Laf vun dësem Joer stëmmen. Ech géing soen, dat ass e ganz gutt Beispill, wat ënnersträicht, wann ee wierklech wëllt de Stat méi performant gestalten, da kann een dat och politesch duerchsetzen.

Net manner wéi sechs Ministèren hate bis elo Kompetenzen am Waasserschutz, wou dat dann alles elo zentraliséiert gëtt an enger neier Verwaltung, déi dee Moment méi effizient ka funktionéieren. Dat ass eng gutt Approche, an och hei kann ee sech also net de Virworf gefale loossen, wéi wann net eng Analys géing gemaach ginn, wou mer de Statsapparat méi effizient nach kënnte gestalten.

Här President, ech wëll dann zum Schluss kuerz nach eng Kéier op déi zwou Etüden zréckkommen. Den Här Krecké seet, datt déi, déi vun de franséische Professere gemaach ginn ass, näischt wäert ass. Ech gesinn dat net esou. Et ass eng Etüd, déi awer zumindest eng Rei vun Denkustéiss vermëttelt, déi och eng gesamt Radiographie vun eisem Stat mécht, déi eis soll uspornen aner Mesuren an d'Wee ze leeden.

An deem Sënn hunn ech zwou Motioune preparéiert, wou sech referéiert gëtt op d'Etüden a wat fir eng Konsequenzen een deene soll ginn.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le Luxembourg dispose de services publics d'une qualité élevée qui ne suscitent auprès de la population aucune critique ni contestation majeure;*

*- notant avec satisfaction qu'une forte adhésion du public a pu être constatée en faveur des services publics à l'occasion d'un sondage d'opinion réalisé en juin 2002, permettant de dégager le sérieux, la confiance et la qualité comme étant les trois principales caractéristiques à la base de cette adhésion;*

*- estimant cependant que cette qualité et cette bonne image de marque ne sauraient dispenser nos services publics d'une adaptation aux aspirations des usagers, en termes d'efficacité et d'accessibilité, ainsi qu'aux exigences nouvelles d'une économie ouverte sur l'extérieur;*

*- rappelant au Gouvernement ses engagements pris dans le cadre de sa déclaration du 12 août 1999 concernant une redéfinition du périmètre d'action de l'Etat, «en privilégiant une approche destinée à assurer un 'mieux d'Etat'»;*

*- jugeant que la délimitation du périmètre du service public, la définition de ses enjeux et des règles régissant son fonctionnement continuent à être une responsabilité de l'Etat en tant que puissance publique;*

*- estimant que dès que le rapport du groupe de pilotage sur le secteur conventionné aura été finalisé, le Gouvernement disposera de toutes les études nécessaires pour pouvoir en dégager les pistes adéquates;*

*invite le Gouvernement*

*- à veiller à la sauvegarde et à l'adaptation permanentes des principes du service public, à la promotion d'une conception plus exigeante et plus concrète des principes d'égalité et de continuité, à l'amélioration de l'accueil des usagers et de la transparence du service public, enfin au maintien, chez les agents chargés de l'assurer, d'un sens authentique du service public, avec les exigences déontologiques que cela comporte;*

*- à prendre dans les meilleurs délais les décisions nécessaires concernant l'établissement d'une ligne de conduite à respecter au moment de la création de nouveaux établissements publics, avec des règles précises à appliquer pour l'avenir concernant en particulier leur gestion, leur fonctionnement et les modalités de leur contrôle;*

*- à charger un groupe de travail interministériel d'entamer une réflexion en profondeur en fonction des conclusions contenues dans les deux rapports sur le rôle de l'Etat et les missions des services publics, afin de lui faire des propositions concrètes concernant leur implémentation.*

*(s.) Gusty Graas, Maggy Nagel, Jean-Paul Rippinger, Fred Sunnen, Lucien Weiler.*

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*- notant avec satisfaction les efforts entrepris par le Gouvernement au cours de la présente période législative dans le cadre de ses travaux en matière de réforme administrative, de e-Lëtzebuerg et de e-Government;*

*- approuvant la démarche entreprise qui consiste à assurer tout particulièrement l'adéquation permanente de notre administration aux besoins de la société, l'amélioration constante de la qualité des services offerts ainsi que l'adaptation continuelle de la qualité de sa gestion et de son fonctionnement;*

*- estimant que sa campagne de sensibilisation sous forme de forums de qualité, d'audits ou d'auto-évaluation rencontre une large adhésion tant à l'intérieur de l'administration que vers l'extérieur;*

*- prenant acte que bien des mesures annoncées dans la déclaration gouvernementale d'août 1999 ont déjà pu être réalisées ou sont sur le point de l'être notamment le bilan global des forces et des faiblesses, l'accueil téléphonique sous forme du nouveau numéro vert, la gestion moderne des postes dans le nouveau programme informatique SIGEP, l'introduction du télétravail, la simplification des procédures;*

*invite le Gouvernement*

*- à poursuivre ses travaux en matière de réforme et de modernisation de l'administration et à orienter tant les projets en cours que ceux susceptibles d'être engagés encore en fonction des besoins de tous les bénéficiaires de services;*

*- à adapter régulièrement la gestion des ressources humaines et financières aux choix stratégiques nécessaires, sans négliger le recours systématique aux nouvelles technologies de l'information et du traitement des données;*

*- à accélérer d'ici la fin de la période législative les travaux en matière de réforme des heures d'ouverture des bureaux, de simplification des formulaires et de création de bureaux d'assistance («Bürger-Büro»).*

*(s.) Gusty Graas, Maggy Nagel, Jean-Paul Rippinger, Fred Sunnen, Lucien Weiler.*

Global jiddefalls kann ee festhalen, datt de Lëtzebuerger Stat gutt funktionéiert, an datt mer hei zu Lëtzebuerg anstänneg a korrekt Déngschtleeschtungen ubidden, wat net verhënnert, datt permanent nach musse gewëssen Adaptatioune gemaach ginn. An datt ech mat där Meenung do mat menger Partei net eleng do stinn, dat beweist jo awer e Sondage, dee viru knapp engem Joer gemaach ginn ass. Dat sinn esou Saachen, déi Dir net esou gären héiert, mä do ass ganz kloer zur Konklusioun komm, datt de Gros vun de Lëtzebuerger Bierger zefridden ass mat den Déngschtleeschtungen, déi se ugebuede kréien.

Ech wëll ofschléissen an deem Sënn, datt d'Demokratesch Partei nach wie vor gewëllt ass déi néideg Moossnamen ze treffen, fir datt de Lëtzebuerger Stat eng geséchert Zukunft huet, an datt en nach wie vor weider moderniséiert gëtt.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, am Regierungsprogramm steet ganz villes iwwert d'Réforme administrative, mä wat gemaach gouf, dat ass Etüden a Kommissiounen asetzen. Esou ass et drëm gaange fir eng Vereinfachung vun den administrative Formalitéiten. Wat gouf gemaach? Näischt. e-Lëtzebuerg, eng Etüd, eng Kommissioun. Wat gouf gemaach? Näischt. Eng Reform vun der Verwaltung, do ass eng Etüd gemaach ginn. Wat gouf gemaach a véier Joer? Näischt. Eng Reorganisatioun vun den Etablissements publics. Wat ass gemaach ginn, eng Etüd? Näischt.

***(Interruptions diverses)***

Mä eppes ass gemaach ginn, an dat ass hei scho vun alle Majoritéitsparteien ervirgestrach ginn, dat ass, datt mer elo en Numéro vert hunn, fir d'Verwaltung unzeruffen. Wat ass d'Differenz tëschent deem wat virdru bestanen huet an elo? Virdrun huet ee véier Nummeren ugeruff, an et krut ee keen op den Tëlefon, elo rifft een der aacht hunn, an et kritt een nach keen op den Tëlefon.

Fazit, offiziell huet dës Regierung eng Ministerin an e Statssekretär an e ganze Ministère vun der Réforme administrative, mä Dir studéiert a studéiert, mä Dir schafft näischt. Dofir huelt d'Schëld vun deem Ministère erof, wou drop steet „Ministère de la Réforme administrative", well dëse Ministère gëtt et de facto net.

Mä et besteet awer Handlungsbedarf. De Lëtzebuerger Stat a seng Verwaltung si munchen Erausfuerderungen ausgesat, mä d'Strukturen, fir deenen ze äntwerten, sinn nach ëmmer déi aus der Postkutschenzäit.

Erausfuerderunge sinn d'Globaliséierung, den europäesche Bannemaart, d'Ofschafe vun den öffentlechen Monopole gemäss dem Artikel 129b vum europäeschen Traité.

Eng aner Problematik, iwwert déi mer musse schwätzen, ass déi ablécklech wirtschaftlech Situatioun. Den Direkter vun der Zentralbank huet kierzlech gesot, mir verdeelen nach ëmmer e grousse Kuch, a mir wëllen net gesinn, datt de Kuch, dee mer haut baken, méi kleng ass wéi de Kuch vu virun e puer Joer.

De Wirtschafts- a Sozialrot huet den 23. Mee folgenden Avis ofginn am Kader vun der Evaluatioun wéi d'lëtzebuergesch Politik sech an déi europäesch Politik soll integréieren: «Il importe de noter que sur le seul plan de l'Administration centrale, le Luxembourg pourrait être confronté en 2003 à un besoin de financement», a weider «ce serait la capacité de financement de la sécurité sociale qui permettrait de compenser le besoin de financement de l'Administration centrale.»

An d'Zuelen, déi d'IGF geliwwert huet mussen ons interpelléieren, alleguerten, Regierung a Chamber. Am Joer 2001 haten der Administration centrale hir Ausgaben en lwwerschoss vun 672,4 Milliounen Euro. Am Joer 2003 wäert et héchstwahrscheinlech en Defizit gi vu 444,8 Milliounen Euro oder 18 Milliarden. Bei de Gemenge geet den Avoir vun 42,9 op 28,1 Milliounen Euro erof. Bei der Sécurité sociale geet et vu 668,1 op 454 Milliounen erof.

Wann een dat simplifiéiert wat hei dra steet an Zuelen, dann heescht dat - an ech ginn zou, datt eng Simplificatioun ëmmer verschidde Risiken huet, mä dann ass et vläicht dobaussen an och der Chamber an der Regierung méi verständlech - datt wann et esou weidergeet wéi et elo weidergeet, da wäerte mer herno mat de Cotisatioune fir d'Privatpensiounskeesen d'Pensiounen aus dem öffentleche Secteur missen um Enn vum Joer bezuelen.

Dat ass déi Donnée, déi ginn ass, a wou et drëm geet, ob elo deen lwwerschoss genotzt gëtt fir eppes anescht, oder net. Dat ass dat wou et drëm geet. De Wirtschafts- a Sozialrot huet ganz kloer Warnungen ausgeschwat an och d'Regierung opgefuerdert endlech aktiv ze ginn.

Da kommen ech op den eigentleche Sënn vun der Debatt hei. Mir mussen, au vu vun deenen Défien, deenen Erausfuerderungen finanzieller Natur, deenen d'Land sech stelle muss, och kucke wéi et an Zukunft weidergeet.

Mir hunn en Débat iwwert d'Relatioune Stat a Gemengen. Dofir wëll ech deen Deel ausklameren an ons Stellungnam spéiderhi bekannt maachen.

Wat d'Liberaliséierung ubelaangt, soe mir als ADR, datt mir fir d'Liberaliséierung sinn, well et eppes Positives ass. Den ADR ass fir eng integral Liberaliséierung vu Telekommunikatiounen, Post, Gas, Elektresch an öffentlechem Transport. Ech wëll ervirsträichen, datt dat favorabel ass fir d'Leit. Den Tëlefon ass 33% méi bëlleg ginn. National muss een elo nëmme méi pro gebrauchte Minutt bezuelen, statt wéi et fréier war dräi Minutte Forfait bezuelen, déi ee ganz oft net gebraucht huet. D'Elektresch ass, eleng schonn am Virfeld vun der Liberaliséierung, ëm 7% erof gaangen. Dat sinn e puer vun deene positiven Elementer, déi d'Bierger an d'Betriber gemierkt hunn, an déi d'Kompetitivitéit vun onser Ekonomie garantéieren.

Mä mir soen, an ech mengen do si mer net déi eenzeg, datt mir géint d'Liberaliséierung vum Waasser sinn, well et an onsem Land kee Sënn mécht. A Frankräich funktionéiert de System ganz gutt, mä ech mengen an onsem klenge Land mécht et kee Sënn.

Mä et muss een och iwwert d'Konditioune vun der Liberaliséierung schwätzen.

Éischtens de Stat muss alle Bierger an alle Betriber garantéieren, datt hinnen all Tëlefon, Gas, Elektresch, öffentlechen Transport zur Verfügung steet, egal wou se sinn, an egal ob se räich oder aarm sinn. Fir déi Mannerbemëttelt an do wou et néideg ass, muss et deelweis gratis sinn.

Et ass wichteg, datt déi Liberaliséierung séchert, datt no de Regele vun der privater Wirtschaft gefuer gëtt. Dofir seet den ADR elo jo

zu engem Service d'intérêt général, mä neen zu engem Service public, zum öffentlechen Déngscht, neen zu Etablissements publics, wéi d'sozialistesch Kolleegen dat virdru virgeschloen hunn.

Wuerfir? Well mer gesinn, datt déi Äntwert, déi mir solle ginn, iwwert dee Wee net ze ginn ass. Wann an engem Etablissement public Fonctionnairë sinn an Employéen, well et oft net anescht geet, da gesäit een, datt dat zu Konfliktsituatioune féiert. Et brauch een nëmmen d'Beispill op der Post ze kucken, bei der CFL an iwwerall, well d'Gestioun vum Personal sech net einfach mécht.

Dann ass bei den Etablissements publics keng Kontroll. Ech wëll hei nuren en Extrait aus deem Avis virliesen, deen den Här Statssekretär ons kierzlech zoukomme gelooss hat iwwert déi Etablissements publics, wou dra steet: «Les établissements publics luxembourgeois sont soumis à la surveillance de l'Etat par l'intermédiaire des ministres compétents, sans que les modalités de cette surveillance soient spécifiées dans la plupart des cas.»

Dëst ass de Problem: Et besteet keng Kontroll. D'Surveillance ass net gutt, a mir hunn all Dag där Beispiller, wou mer gesinn, datt de System net uerdentlech funktionéiert, mä disfunktionéiert.

Ech hunn och mat Intérêt dem Interpellant nogelauschtert als Sozialist, dee sech hei iwwert d'Liberaliséierung iergert. Mä wann ech mech awer gutt erënneren waren et sozialistesch…

***(Interruptions)***

Ech weess, si hunn alleguerten e bësse Problemer wa se d'Wourecht héieren, mä ech ka mer soen, datt wa mer haut liberaliséieren, dann ass et well et sozialistesch Ministeren an notamment e sozialisteschen Energie- a Wirtschaftsminister war, den Här Robert Goebbels, deen déi Liberaliséierung décidéiert, approuvéiert huet a souguer Projet-de-loien déposéiert huet.

A wann hei elo debattéiert gëtt wien am meeschten dann nees erëm fir de Stat ass, dann iwwerloossen ech dat gären der DP, de Gréngen, der CSV. Wuerfir? Well alleguerten déi Parteien, déi hei am Land sech iergeren iwwert d'Liberaliséierung, hu mat hire Parteikolleegen an Europa déi Liberaliséierung gewollt an décidéiert. Ech mengen, dat ass eppes wat een hei muss festhalen, an deen double langage gëtt dobausse vum Wieler net méi akzeptéiert.

Mä wa mer soen, datt mer musse kloer Verhältnisser schafen, a wuerfir mir ons och kritesch vis-à-vis vun den Etablissements publics ausdrécken, dann ass et well mer den Iwwergank zur Liberaliséierung net ordentlech preparéiert hunn. Mir mengen, datt bei de bestoenden Etablissements publics, wou et elo scho leeft, ee misst kucken, datt een op de Wee vun enger Société d'économie mixte geet. Eng Société d'économie mixte ass eng Gesellschaft, wou de Stat oder d'Gemengen eng Kapitalparticipatioun huet, an déi Leit, déi dora schaffen, déi missten nuren de Statut vum Privatbeamten hunn. D'Fonctionnairen, déi do wëlle schaffen, sollen e Congé sans solde kréien an déi, déi deen Transfert dann net wëllen, déi sollen iergendwou soss op eng aner Plaz placéiert ginn.

A mir gesinn, doduerjer datt déi ganz Personalproblematik net kloer ugepaakt gëtt, datt déi ganz Liberaliséierung defensiv ugepaakt gëtt statt offensiv, datt do munches beim Personal selwer vu Froen opkënnt, datt se veronséchert ginn, an datt och d'Betriber selwer, wéi d'CFL, heiansdo net méi wësse wéi se et da solle maachen a wat se solle maachen.

Esou wonnert et mech, datt elo, an dat ass ons matgedeelt ginn, e puer jonk Leit, déi 40 Joer al sinn, déi bei der CFL schaffen, ugerot kritt hu fir d'Invalidepensioun ze huelen, datt si géingen dofir suergen, datt se bei deem richtegen Dokter séier d'Invalidepensioun kéinte kréien, an du gesot hunn dat wéilten se awer net, well se nach wéilte weider schaffen. Dunn ass gesot ginn, ma da maacht e Privatbetrib, da schaffe mer mat Iech iwwert dee Wee do.

Dat sinn déi Donnéeën, déi ons erugedroe ginn, där héiert een, an ech fannen et inakzeptabel, well et ass net kloer wéi et hei gemaach gëtt.

***(Interruption)***

Ech kann Iech dat herno am Detail erklären, Madame Ministerin, mä Dir verstitt, mat deene puer Minutten, déi mir zur Verfügung stinn, muss een dat hei e bësselche méi zügeg duerchgoen. Mä ech mengen ech war kloer genuch, well Dir hutt et verstanen.

Zweetens muss d'Liberaliséierung eng Realitéit ginn. Dofir brauche mer kloer Richtlinnen an déi Gesetzer, déi mer hunn, mussen endlech realiséiert ginn. Or mir gesinn, datt mer am Elektreschen an am Gas d'Gesetz hunn, mä d'Ausféierungsreglementer feelen. Ech hunn déi leschte Kéier dem Energieminister eelef Froe gestallt. Bis haut krut ech se net beäntwert, well hie ka se net beäntwerten. An et ass dat wat ee bedauere muss.

Wann den Institut luxembourgeois de régulation elo d'Betriber freet an d'Gemenge freet, wéi wäit sidd Der an der Liberaliséierung, wou d'Gesetz elo schonn e puer Joer a Kraaft ass a wou mer integral musse liberaliséieren an den nächste Joren, en vue vun Direktiven, déi ugeholl gi sinn, och vun dëser Regierung a vum Europaparlament, datt et also eminent ass, datt déi Liberaliséierung sech accéléréiert, si mer nach ëmmer am Donkelen, a fir dem Här Statsminister säi Lieblingsausdrock ze soen, mir hunn eng Kamera wou mer am Däischtere sinn a wou de Film net richteg entwéckelt gëtt.

Drëttens muss ee soen, de Stat muss de Verwaltungen d'Méiglechkeete ginn a muss och déi Méiglechkeete schafen, fir hinnen ze erlaben ze beweisen, datt si eng Alternativ si fir de fräie Maart. Dat ass e Prinzip, dee wichteg ass, an dee muss zréckbehale ginn. A wann et dann net klappt, da muss privatiséiert ginn. Mir mussen de Stat, ons Verwaltung an d'Fonction publique reforméieren, fir besser ze verwalten an och fir manner Suen auszeginn. Dat ass méiglech a ville Länner an Europa, dat muss och méiglech sinn zu Lëtzebuerg.

Fir dat ze realiséieren, fir onse Stat besser ze verwalten, muss ee verschidde betribswirtschaftlech Techniken aus dem private Secteur an déi öffentlech Verwaltung integréieren.

Éischtens muss d'Verwaltung gemiess ginn un hire Resultater. Mir mengen, datt an Zukunft net méi soll gekuckt ginn, elo hunn ech e Budget, ech muss kucken, datt ech déi Suen ausginn, mä datt au contraire muss gekuckt ginn a gesot ginn, ech hu Suen, wéi kann ech déi no de politeschen Objektiver, no de Resultater, déi ech als Administratioun oder als Service kréie muss, ausginn. Dës Resultater, vun deenen ech schwätzen, musse miessbar a vergläichbar sinn, fir et de politesche Responsablen ze erlaben ze kucken, ob déi politesch Ziler, déi se hunn, erreecht gi sinn, an ob d'Verwaltung gutt an effizient schafft. Mir brauchen d'Méiglechkeet fir déi politesch Resultater laangfristeg ze analyséieren, d'Resultater vun enger Verwaltung oder engem Service, d'Resultat vun der Verwaltung a Fonctioun vun deem wat se kascht, wat se leescht a wéi se versicht ze spueren.

Dat zweet wat mer brauchen, dat ass, datt d'Verwaltungen an d'Servicer autonom Budgete musse kréien. D'Beispill am Ausland weist, datt dat méiglech ass. Ablécklech ass dat net méiglech. Mir hunn e globale Budget an doduerjer kann ee verschidde Responsabilitéiten an Organisatiounen net duerchzéien.

Drëttens muss een de Verwaltungschefen an de Responsable vun de Servicer reell Pouvoire ginn, fir déi gewënschte Resultater ze erreechen.

Véiertens musse verschidde Kontabilitéitsmechanismen aus dem private Secteur an d'Kontabilitéit vum Stat integréiert ginn: Amortissement, Provisioun, Autofinancement. Mir mengen zum Beispill, datt e Computer keng Ausgab ass, mä en Investissement, an och soss esou muss am Budget vum Stat a vun de Servicer behandelt ginn. Dat bedingt natierlech, datt d'Budgetsrecht, d'Kontabilitéit vum Stat, dat administratiivt Recht, an deem Sënn wéi ech et exposéiert hunn, muss reforméiert ginn.

Mir mengen och, datt d'Cour des Comptes endlech muss e Geriicht ginn, geriichtlech Funktioune muss hunn, wat ablécklech net ass, an en indépendantë Budget muss kréien, deen e Prozentsaz ass vum Statsbudget.

Mir fuerderen och, datt kee Gesetz méi däerf gestëmmt ginn ouni eng Note iwwer hiren Impact budgétaire an iwwert d'Charge administrative fir de Stat a fir d'Betriber.

A bien entendu ass et och néideg, datt wann ee wëllt Reformen duerchgoen, datt en Audit vu sämtleche Verwaltungen am Virfeld gemaach gëtt, fir kënnen eng Reform duerchzezéien.

Eng Fro op déi ech och nach wëll agoen, ass déi: Wéi soll sech de Fonctionnaire an dësen neie Schema integréieren? Wéi kann een e responsabiliséieren an e wierklech an d'Verwaltung vum Stat integréieren?

Dobäi muss ee fir d'éischt e puer Prinzipie festhalen. Déi national Souverainetéit an d'Wuel vun de Lëtzebuerger sti bei der Réforme administrative um Spill. De Fonctionnaire muss géint de politeschen Arbitraire geschützt ginn, dofir muss seng Onofhängegkeet gewahrt bleiwen, am Exercice vu senge Funktiounen, mä seng Carrière muss och sengem perséinlechen Engagement Rechnung droen, et muss dat perséinlecht Engagement honoréiert ginn. Folglech muss de Statut vum Fonctionnaire garantéiert bleiwen, iwwerall do wou Verwaltungen a Servicer national Souverainetéitsmissiounen, Missioune vun hoheitsrechtlecher Natur also, ausféieren.

Mir mengen, datt et wichteg ass, datt d'Lëtzebuerger Sprooch garantéiert muss ginn, virun allem, datt alleguerten déi Leit, déi wëllen an den öffentlechen Déngscht antrieden, déi a Kontakt si mat der Bevölkerung, d'lëtzebuergesch Sprooch kennen. Mir mussen de Statut vum Fonctionnaire simplifiéieren a reforméieren. Dozou wëll ech e puer konkret Propositioune maachen.

Wat de Recrutement ugeet, esou soe mer, datt mer deen ablécklech musse verbesseren, well den technesche Qualitéiten an der Qualité de meneur d'hommes keng Rechnung gedroe gëtt. Mir verweisen do op de Rapport Frieseisen, dee ganz kloer Kriticken ubruecht huet an och Solutioune bruecht huet, notamment datt fir déi héijer Fonctionnairë misste Coursen um Niveau ENA, der Ecole nationale d'administration, oder ähnlechen duerchgefouert ginn.

Da schéngt et ons wichteg, datt de Fonctionnaire sech muss enger Evaluatioun ënnerwerfen. Eng Evaluatioun soll emol esou, wéi se hautdësdags ëmmer méi duerchgefouert gëtt, méi dynamesch sinn, dat heescht, datt de Fonctionnaire, wann hie fënnt, datt seng Aarbecht vläicht méi schlecht ginn ass, hien och d'Recht huet ze soen, datt dat vläicht sech doduerch explizéiert, datt nei Gesetzer komm sinn, déi méi schwiereg sinn, datt méi administrativ Chargë komm sinn, datt de Computer net geet, und, und, und. Dat heescht, do soll hie matdenken a matschaffen, fir seng Evaluatioun ze kommentéieren.

Da menge mer och, datt d'Formation continue obligatoresch muss ginn a generell fir all Fonctionnaire, ob Stat oder Gemeng. Notamment musse bei den héije Fonctionnairë verschidde Bidonsformatiounen einfach eliminéiert ginn.

Mir mengen och, datt d'Formalitéite vun der Entloossung aus dem Statsdéngscht musse clarifiéiert a verkierzt ginn. Ablécklech, wann ee wëllt eng Persoun entloossen, wou wierklech eng Faute grave caractérisée ass, fir den Ausdrock aus dem privatrechlechen Aarbechtsrecht ze gebrauchen, da gesäit een, datt dat bal onméiglech ass. An d'Madame Ministerin vun den Affaires étrangères weess dat, well hire Generalsekretär huet hir gesot, datt si där am Ministère des Affaires étrangères tëschent 4 a 6% hätten. Den Här Minister Goerens huet och gesot, datt hien e puer Fäll géing kennen. Vum Här Statsminister an och vun anere Ministere krute mer datselwecht gesot. An huet de Statsminister bäigefléckt, et weess een, datt näischt ka geschéien, datt déi Prozeduren, wa se agesat ginn, jorelaang daueren. Dat kann dach net sinn!

Da verlaange mer, datt d'Attributioun vun enger Invaliderent no deeneselwechte Modalitéite muss geschéie wéi am Privatsecteur. Mir sinn natierlech frou, an dat begréissen ech, datt d'Regierung wëlles huet e Gesetz hei an der Chamber duerch ze kréien, wou gesot gëtt, datt verschidden héijer Fonctionnairen nëmme kënnen op Zäit beim Stat ugestallt ginn. Mir mengen awer, datt misst preziséiert ginn an deem Gesetz, datt all Minister d'Recht huet e Conseiller ze hunn, mä datt dee Conseiller, deen him perséinlech zu Déngschten ass, awer keng Autoritéit kann hunn iwwert d'Administratioun. Mir gesinn zu wat dat gefouert huet, wann do eng Mixitéit ass. Dat huet ee gesinn an den Affäre Reimen a Morby, fir nëmmen déi zwou ze nennen, déi hei an der öffentlecher Debatt während laanger Zäit stoungen. Do verlaange mer also eng kloer Trennung.

Ech hu mat Interessi déi ganz gutt Etüd, déi mer virun e puer Deeg zougestallt kritt hunn, gelies, wou eng Suggestioun dra steet, wou ech géing bieden, datt d'Regierung doriwwer sollt meditéieren. Ech zitéieren: «Un contrat d'affectation sur emploi, comme le propose le Conseil d'Etat français dans son rapport 2003, pourrait ainsi être conclu entre le fonctionnaire et son autorité gestionnaire. Il définirait les caractéristiques de l'emploi, les objectifs et les moyens qui y sont attachés et fixerait la durée pendant laquelle l'agent y est affecté. Un tel contrat ne produirait toutefois aucun effet juridique sur la stabilité d'emploi du fonctionnaire qui demeurerait garantie par le Statut général. Il permettrait avant tout, par le biais d'engagements réciproques entre l'agent et la personne publique qui l'emploie de faciliter une gestion fonctionnelle valorisant les éléments de métier et de compétence.»

Dat ass en Denkustouss, wou mer mengen, datt d'Regierung soll higoen. Wat mer am meeschte bedaueren, dat ass, datt dës Regierung et verpasst huet fir an de leschte Joren eng Administratioun ze schafen, déi no beim Bierger ass. Et gëtt ëmmer méi Formalitéiten, ëmmer méi laang Duréeën. Et ass skandaléis, wann et fir eng Autorisation de commerce zwëschent sechs Méint an zwee Joer dauert, jee nodeem wéi schwiereg den Dossier ass, an dat einfach, well et op iergendenger Plaz happert oder et hänke bleift. Et ass dat, wat relativ grave ass.

D'Formalités administratives sinn net méi einfach ginn, si si méi komplizéiert ginn. Et gesäit een, datt dës Regierung, an net nëmmen déi zwee Ministeren, op alle Gebidder wou iergendwéi d'Méiglechkeet war, fir méi Formalitéite ze maachen, si et gemaach hunn. Do, wou d'Méiglechkeet war fir manner Formalitéiten ze maachen, ass et net geschitt, mat enger eenzeger Ausnahm, an dat wëll ech dem Direkter vum Enregistrement guttschreiwen, well hien d'Initiativ do geholl huet, an dat betrëfft de Remboursement vun der TVA.

***(M. Jean Asselborn prend la Présidence)***

Am Resumé wëll ech Folgendes festhalen: Mat de sozialistesche Kolleegen hirer Marschroute si mer net d'accord. Si wëllen nees den „tout Etat" duerchféieren. Weider wëlle mir net op eng Debatt mat deenen anere Parteien agoen, wien dann am meeschte zréck wëllt kucken an dem Wieler soen, datt mer ëmmer méi Stat brauchen.

Mir brauche méi Dynamismus, méi Fräiheet, méi Responsabilitéit. Et ass domat, wou mer de Stat vu muer kënnen duerchféieren, wou mer d'Wuel vun de Lëtzebuerger kënne garantéieren a mir bedaueren, datt dës Regierung et verpasst huet an de leschte véier Joer déi néideg Reform vum Stat duerchzezéien.

Ech déposéieren nach eng Motioun a soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

***Motion 4***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la capacité de financement future de l'Etat est menacée;*

*- considérant l'absence d'information sur les engagements financiers à long terme résultant des pensions du secteur public;*

*- considérant l'inexistence de toute projection à court, moyen et à long terme du coût salarial total que l'Etat s'est engagé à supporter dans les années à venir;*

*- considérant qu'il y a lieu d'établir une étude prévisionnelle permettant de renseigner le législateur sur l'impact financier futur du régime des pensions du secteur public;*

*invite le Gouvernement*

*- à faire réaliser une étude sur le régime des pensions du secteur public fournissant aux décideurs politiques les mêmes renseignements que l'étude sur le régime des pensions contributives du secteur privé réalisée en l'an 2000 par le Bureau International du Travail;*

*- à remettre à la Chambre des Députés une information complète et transparente sur la masse des salaires du secteur public grevant annuellement le budget de l'Etat et de lui fournir les projections y relatives.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.*

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den nächsten Orateur ass den Här Huss.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, erlaabt mer, ier ech zum Fong vun eisem Débat vun haut kommen, e puer kuerz Virbemierkungen.

Eng éischt Virbemierkung fir ze betounen, datt dem Här Krecké säi Sujet d'Services publics an de Rôle vum Stat an eiser Gesellschaft eng noutwendeg a wichteg Debatt ass, och wann et haut hei net déi éischte Kéier ass, wou mer doriwwer schwätzen.

Eng zweet Virbemierkung fir ze soen, datt d'Problematik vum Rôle vum Stat a vun de Services publics

esou eng vaste, esou eng ëmfaassend an esou eng komplex ass, datt et absolut onméiglech ass am Kader vun eiser Riedezäit op all d'Aspekter dovunner anzegoen.

Wann een zum Beispill gesäit, datt de Conseil économique et social zu dësem Thema 2001 e gréisstendeels interessanten Avis op 135 Säite verfaasst huet, a viru kuerzem zwee franséisch Universitéitsproffen dozou eng Etüd vun iwwer 227 Säite verbrach hunn, an zënter dräi, véier Deeg och nach eng weider Etüd virläit, dann ass et kloer, datt et net méiglech ass op all d'Aspekter anzegoen. Ech muss mech also a mengem Bäitrag elo op e puer fir eis wichteg Aspekter vun dësem Froekomplex beschränken, an dës wichteg Aspekter si fir eis déi folgend.

Do si fir d'éischt emol e puer kuerz an noutwendeg Remarken iwwert den Historique an d'Entwécklung vum Rôle vum Stat a senge Verwaltungen a Betriber am vergaangene Jorhonnert a bis haut, woubäi natierlech d'Entwécklung vum liberale Nachtwächterstat zum Sozial- oder Wohlfahrtsstat an no 1980 de progessiven Erëmofbau vum Wohlfahrts- a Sozialstat a villen europäesche State vu Bedeitung sinn.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Do sinn aus Aktualitéitsgrënn eng Partie vun noutwendege Remarken iwwer aktuell Liberaliséierungs-, Dereguléierungs- a Privatiséierungstendenzen a -menacen, déi vun neoliberale Kräften an der Europäescher Kommissioun an am Conseil, mä och vum internationalen Accorde wéi dem GATS, op franséisch AGCS, am Kader vun der Welthandelskonferenz ausginn.

Do sinn natierlech och eng Rei vun anere Considératiounen iwwert de Rôle vum Stat, a gemengt ass do jo sécher den Nationalstat am Spannungsfeld tëschent Autonomieverloschter am Kader vun der europäescher Integratioun op där enger Säit, an dem Wonsch no stäerkerer Dezentraliséierung, Regionaliséierung a Kommunaliséierung op där anerer Säit.

Do gëtt et evidenterweis natierlech och de Beräich vun de Kriticke vis-à-vis vun de konkreten Aktivitéiten, beziehungsweis de Lacunen a Problemer vum Statsapparat, de Ministèren an aneren öffentlechen Organer a vu konkrete Verbesserungsvirschléi an deem Sënn, fir datt déi vill diskutéiert Réforme administrative konkret mat Liewe ka gefëllt ginn.

An da gëtt et an dësem Kontext och dee méi spezifeschen Aspekt vun de staatlechen Organisatiounsformen, a méi genee vun den Etablissements publics, op déi no mir nach mäi Fraktiounskolleeg, de François Bausch, wäert agoen.

Dir Dammen an Dir Hären, dee Stat, deen um Enn vum 19. Jorhonnert zur Entwécklung vum Industriekapitalissem begleet hat, war kloer weder demokratesch nach sozial a vun den deemools an Europa herrschende Kräften ass säi Rôle just gesi ginn als dee vun engem Nachtwächterstat, also engem Statsapparat, deen haaptsächlech dofir do war, fir fir Rou an Uerdnung ze suergen an am Noutfall och polizeilech oder militäresch Repressioun géint Protester an Demonstratiounen anzesetzen. Dat waren deemools déi sou genannten hoheitlech Rechter vum Stat, oder déi sou genannte Fonctions régaliennes.

Duerch en haarden an zéien Asaz vun der Aarbechterbewegung, vun de Gewerkschaften a vun de lénke Parteien ass duerno nom Éischte Weltkrich, virun allem awer nom Zweete Weltkrich, et zu enger verstäerkter an ëmmer méi staarker Roll vum Stat komm. De kapitalistesche Stat ass méi demokratesch ginn. En huet ëmmer méi sozial Aufgaben iwwerholl a sozial Ëmverdeelungsmesurë getraff. En huet sech an de 60er a 70er Joren am Kontext vun der Entwécklung vun der sou genannter Konsumgesellschaft hei an Europa zum sou genannte Wohlfahrtsstat entwéckelt an hien huet sech zënter dëser Zäit och insgesamt ëmmer méi staark reguléierend an all Beräicher vun der Politik agemëscht, an der Sozialpolitik, der Steierpolitik, der Gesellschaftspolitik, mä och an deemools nach neiere Problemer, wéi zum Beispill der Ëmweltpolitik, déi zënter deemools ëmmer méi staark an de Mëttelpunkt geréckelt ass.

D'Regierunge vun den entwéckelten europäeschen Nationalstaten haten zënter de 60er Joren hir Aufgab doranner gesinn, fir Vollbeschäftegung a sozial Sécherheet ze garantéieren. Si hate mat Hëllef vun antizyklesche Konjunkturprogrammer ëmmer méi breet an ëmfaassend an d'Wirtschaftsentwécklung agegraff an dës ëmfaassend staatlech Politik hat insgesamt, vun enger Rei vu gréissere Feelentwécklungen ofgesinn, virun allem a Saachen ekologesch Entwécklung an Nohaltegkeet dach och gréisser Zäite vu Succèsen ze verzeechnen.

Dës aktiv ëmfaassend a reguléierend Roll vum Nationalstat ass dunn awer Enn vun de 70er Joren duerch eng Rei vu Facteuren ëmmer méi staark a Fro gestallt an zréckgedrängt ginn. E puer vun dësen international wierksame Facteure siefen hei a Stéchwierder just kuerz resüméiert.

Éischtens dat ëmmer méi staarkt Gewiicht vu multinationale Konzerner, hirer Standuertpolitik an hirem Drock an Erpressungsméiglechkeete par rapport zu Regierungen an Nationalstaten. Zweetens dat ëmmer méi staarkt Opkommes vun neoliberalen a maartradikalen Ideologien, déi mat aller Force de Sozialstat an d'Gewerkschafte bekämpft hunn, fir d'Rad vun der Geschicht erëm eng Kéier zréckzedréinen.

International politesch Exponente vun deem neie Kurs vun Endsolidariséierung an der Predominanz vun der Wirtschaft a vun de Multië vis-à-vis vun dem Stat waren esou traureg berühmte Gestalte wéi d'Margaret Thatcher an England an de Ronald Reagan an den USA, mä an enger Iddi manner radikaler Form hu sech esou neoliberal Iddië leider lues a lues och an deenen aneren europäesche Staten a bis wäit an d'politesch Klass era kënnen duerchsetzen.

Et muss een, Dir Dammen an Dir Hären, allerdéngs betounen, datt international och nach aner Facteure beim Substanz- an Aflossverloscht vu staatlecher Politik eng Roll gespillt hunn, woubäi een awer och gläich muss betounen, datt d'Lëtzebuerger Politik dësem neien internationalen Trend awer nëmme relativ wéineg gefollegt ass.

Wat waren, wat sinn dës aner Facteuren, déi europawäit zur Reduzéierung vum Rôle vun den Nationalstate gefouert hunn? Et war op där anerer Säit speziell no 1985, no der Schafung vum Marché intérieur, de progressive Verloscht vun nationalstaatlecher Autonomie a Selbstbestëmmung am Kader vun der europäescher Integratioun. Wien aus gudde Grënn, zum Beispill well vill Problemer haut nationalstaatlech eleng net méi léisbar sinn, dës europäesch Integratiounen ënnerstëtzt, dee kann natierlech dann net lamentéieren, datt de politesche Rôle vum Nationalstat reduzéiert gëtt, an datt ëmmer méi politesch Décisiounen um europäesche Plang getraff ginn.

Mir haten als Gréng ni prinzipiell Problemer mat der europäescher Integratioun. Mir hunn awer ëmmer heftegst ageklot a mir kloe weiderhin an, datt et parallell zum Substanzverloscht vum nationale Stat net zu enger wierklecher Stäerkung vun der politescher Demokratie um europäeschen Niveau komm ass, och wann elo zum Beispill an der neier europäescher Verfassung d'europäescht Parlament soll méi Codécisiounsrechter kréien.

De Substanzverloscht vun den Nationalstaten am Kontext vun der europäescher Integratioun, vum europäesche Binnemarché a vun den europäesche Verträg ass awer nach méi staark däitlech ginn, engersäits duerch eng leider nëmme schwaach entwéckelt Koordinatioun vun de Wirschaftspolitike vun den europäesche Staten, mä anerersäits virun allem awer och duerch déi finanz- a budgetspolitesch Contraintë vum sou genannte Stabilitéitspakt.

Eng seriö a verantwortlech Ausgabepolitik vum Stat, natierlech jo. Mä op där anerer Säit hate mir ëmmer scho gesot, datt zum Beispill de jährleche Budgetsdefizitkritär vun 3% ze vill rigid wier, besonnesch an Zäite vu länger dauernde Stagnatiounsperiode vun der Ekonomie, an deen aneren zentrale Stabilitéitskritär, d'Bekämpfe vun der Inflatioun, riskéiert, wann e weider esou stur wéi bis elo ugewannt gëtt, vun der Inflatiounsbekämpfung an d'Deflatioun, a wierklech Stagnatioun an an eng schwéier Rezessioun eranzeféieren.

E puer gréisser europäesch Regierungen, onofhängeg vun hirer politescher Couleur, stinn haut bekanntlech virun dëser Problematik a virun dem Problem den Defizitkritär vun 3% kënnen anzehalen, obscho se zimlech staark Aspuermoossname bis haut schonn duerchgezunn hunn.

Mir mengen, och wa mer hei zu Lëtzebuerg net esou staark oder eventuell nach net esou staark mat dësem Problem ze kämpfen hunn, dass aus Grënn vun der noutwendeger Relance vun der Ekonomie, awer enger nohalteger Relance vun der Ekonomie, an aus Grënn vun der noutwendeger Bekämpfung vum Chômage, de Stabilitéitskritär méi soupel a méi flexibel misst gehandhabt ginn, fir et der öffentlecher Hand, ob Stat, Regioun oder Gemengen, ze erlaben erëm méi e grousse Spillraum ze kréien, fir öffentlech gefordert Investitiounstätegkeeten nei ulafen ze loossen. Statt ëmmer manner Stat, statt engem weideren Ofwierge vu praktesch allen öffentlechen Investitiounstätegkeeten an Europa, brauche mer europawäit eng Relance vun Investitiounen, souwuel am Privatsecteur wéi bei den öffentlechen Investitiounen. Mir brauchen e Stat oder Staten. Mir brauchen öffentlech Hänn, déi verantwortlech op där enger Säit, mä aktiv voluntaristesch a virausschauend op där anerer Säit hiren Aufgabe gerecht ginn.

Kee schwaache Stat also, Dir Dammen an Dir Hären, kee kastréierte Stat, dee praktesch net méi investitiouns- an handlungsfäeg ass, wéi mer et momentan op munche Plazen am europäeschen Ausland gesinn, mä am Géigendeel e Stat, dee säi Rôle als selbsbewosste Partner, Begleeder a Förderer vu privatwirtschaftlechen, awer och vun eegenen Investitiounen an Aktivitéite ka spillen.

Déi Gréng leie mat dëser Definitioun oder Neibestëmmung vum Rôle vum Stat a vu senge Services publics iwwregens wäit gehend op der Linn vun deem Avis vun 2001 vum Conseil économique et social, och wa vir eis selbstverständlech eng vill méi staark ekologesch a sozial Orientéierung vun den infrastrukturellen Investitiounstätegkeeten am Virdergrond misst stoen.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi kann, wéi wäert an dësem Kontext déi zukünfteg Roll vum Stat ausgesinn? An an deem Kontext dräi Froen, op déi ech aus Grënn vun eiser beschränkter Riedezäit nëmmen a Stéchwierder kann äntwerten, insistéieren.

Éischtens riskéiere mer an deene kommende fënnef bis zéng Joer net europawäit an och hei zu Lëtzebuerg, datt de Rôle vum Stat, vun der öffentlecher Hand a vun de Gemengen nach weider ageschränkt gëtt, am Géigesaz zu deem also wat eigentlech misst passéieren? Dir kënnt lech erënneren, datt mer als Gréng viru knapp zwee Méint hei an der Chamber eng Aktualitéitsdebatt ugefrot a gefëiert haten iwwert d'Risquë fir öffentlech Servicer, déi vun de sou genannte GATS oder op Franséisch AGCS-Verhandlungen am Kader vun der Welthandelskonferenz ausginn.

Am Mëttelpunkt vun eise Befierchtunge stounge virun zwee Méint a stinn och nach haut, well d'Regierung konnt eis an där Bezéiung nëmme ganz onwesentlech berouegen, esou öffentlech Déngschtleeschtungen a Services publics wéi zum Beispill Educatioun, Waasserversuergung oder aner Ëmweltdéngschtleeschtungen, déi Gefor lafen an de kommende fënnef bis zéng Joer privatiséiert an dem Profitintérêt vu groussen transnationale Firmen ausgeliwwert ze ginn. Dës Verhandlunge ginn an enger praktesch totaler Opacitéit, ouni déi geréngsten öffentlech Transparenz, hannert de Kulisse vun der Welthandelskonferenz virun.

Offeren an Demanden no Opmaache fir d'Konkurrenz schéngen zum Beispill bei der Educatioun a bei den Ëmweltdéngschtleeschtungen an der Waasserversuergung um Verhandlungsdësch ze leien a mir hu keen terribelt Vertrauen doranner, wat den Här Lamy als zoustännegen europäesche Kommissär a wiem sengem Intérêt do verhandelt, wou mer dann herno de Risque lafe virun irréversibel Faits accomplis gestallt ze ginn. Zum Beispill, datt d'Waasserversuergung oder aner Domäner vun öffentleche Servicer iwwer Nuecht op eng Kéier privaten Operateuren opgemaach gi sinn, ouni datt déi respektiv Nationalstaten oder Parlamenter doriwwer geschwat oder décidéiert hätten.

Dofir sinn zum Beispill, ech hunn dat eréischt gëschter oder virgëschter an enger gréisserer Zeitung gelies, esou grouss Stied wéi d'Stad Paräis, wéi Melbourne, wéi Vancouver, wéi Toronto, wéi Wien, higaangen an déi hunn hier Stied zu AGCS-fräien Zonen erkläert, well se mësstrauesch sinn a well si sech géint esou Entwécklungstendenze wëlle wieren. A firwat besteet dat Mësstrauen esou breet an der Öffentlechkeet?

Et entsteet dohier, well ganz einfach net nëmme gesi gëtt vun der Öffentlechkeet, datt alles wat privatiséiert gëtt op eng Kéier besser gëtt, méi bëlleg gëtt an de Service besser gëtt. Wann een de bisherige Bilan kuckt vu munche Privatiséierungen, ech soen eventuell net vun allen, mä vun enger ganzer Partie vu Privatiséierunge vun ehemalege staatlechen Entreprisen, zum Beispill an de Secteuren Eisebunn, Telekommunikatioun, Stroumversuergung an esou virun, an England, an Holland, an Däitschland an den USA an esou virun, wann een dat gesäit, da kann een, a mir sinn och do méi wéi skeptesch par rapport zu sou genannte besseren a méi bëllegen Déngschtleeschtungen a mir sinn och méi wéi skeptesch vis-à-vis vun de Sirenekläng an de Pressioune vun de sou genannten transnationalen Operateuren a mir mengen, datt d'öffentlech Hand, datt de Stat, datt d'Gemengen oder d'Gemengesyndikater europa- a weltwäit, mä och hei zu Lëtzebuerg all Intérêt hätte fir dës Entwécklung äusserst wachsam ze verfolgen a fir ze versichen allméiglech Barrièren a Géigemesurë preventiv an d'Wee ze leeden, fir weider eventuell Substanzverloschter vun der öffentlecher Hand an den öffentleche Strukture ze vermeiden oder méiglechst kleng ze halen.

Vun der Lëtzebuerger Regierung wiere mer an deem dote Kontext och ganz staark interesséiert, fir gewuer ze gi wat dann elo virun der Konferenz vu Cancún Mëtt September déi offiziell an definitiv Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung ass an deene Verhandlungen an och wat déi offiziell Positioun an definitiv Positioun vun der europäescher Kommissioun an deem dote Beräich wier. Mir wiere frou, wa mer doriwwer eng Äntwert géife kréien.

Dir Dammen an Dir Hären, eis Verteidegung vun engem aktiven, globalen a strategesch virausdenkende Stat bedeit allerdéngs net, datt mir Gréng blann oder daf wiere par rapport zu berechtegte Kriticke vis-à-vis vum Stat, a mir selwer hunn an der Vergaangenheet bekanntlech selwer och ni gespuert mat Kriticken oder Virschléi, wéi dem Stat seng Aktivitéite méi effikass, transparent a biergerno kënnte gemaach ginn. Grondsätzlech geet et dobäi ëm e puer Haaptproblemstellungen, déi ech hei just kuerz kann ëmräissen.

Éischtens geet et ëm déi effikassten, soupelst an transparentste Form vun der Organisatioun vu staatlechen Aktivitéiten. An deem Kontext aus aktuelle Grënn zum Beispill ëm d'Problematik vun den Etablissements publics, mä dorobber wäert wéi gesot mäi Kolleeg de François Bausch gläich agoen.

Zweetens geet et ëm d'Diskussioun vun der Aufgabeverdeelung tëschent Stat a Gemengen, wou mir kee Problem domadder hunn, datt de Gemengen an och de Regiounen a Gemenge regional Syndikater, déi jo och zur öffentlecher Hand gehéieren, méi Responsabilitéiten, mä och méi Moyenen zur Verfügung gestallt misste ginn. Mir hate jo scho méi wéi eng Kéier dorobber higewisen, mä op dëse wichtegen Débat, dat hu schonn e puer Virriedner gesot, wäerte mer jo eng Iddi méi spéit wahrscheinlech am Hierscht nach Kéier kënnen zréckkommen. Ech wëll deem elo net hei a menger Riedezäit virgräifen.

An drëttens geet et bei dëser kritescher Debatt ëm e méi effikassen, méi transparenten a biergernoe Stat, och ëm d'Element vun der sou genannter Réforme administrative, dem Loch Ness vun dëser Regierung, wéi munch Leit sech jo bekanntlech eng Kéier ausgedréckt haten.

Mir mengen a mir soen als Gréng awer ganz kloer, datt an eisen Ae wierklech op enger Rei vun Niveauen eng Rei vu Mesuren noutwendeg wieren, fir de Statsapparat a fir aner öffentlech Verwaltungen, zum Beispill och d'Assurances sociales oder de Gemengenapparat, besonnesch vun de gréissere Gemenge méi transparent, verständlech a biergerno a biergerfrëndlech ze gestalten. Et sinn op dëser Tribün zum Beispill am Kontext vun der Diskussioun iwwert de Statut du fonctionnaire vun eis a vun anere Riedner schonn esou munch Kriticken, mä och Léisungsvirschléi virbruecht ginn, an och am Avis vum Conseil économique et social oder an där neier Etüd vun deenen zwee franséischen Universitéitsproffe gëtt et dozou eng Partie vun zumindest iwwerleeënswäerten an diskussiounswäerten Iddien a Propositiounen.

Wesentlech si fir eis zum Beispill d'Formatioun an d'Weiderbildung vu Beamten, eng Formatioun a Weiderbildung vu Beamten, déi carrément vun Ufank u méi service- a clientorientéiert muss geplangt ginn. Wesentlech sinn dobäi och méi transparent an effikass a biergerno Organisatiounsformen, esou wéi mer zum Beispill elo an der Koalitioun zu Esch versicht hunn, um Gemengenniveau, en neit Biergeramt opzebauen. Wesentlech dobäi ass och fir zum Beispill den Entreprisen entgéint ze kommen, eng Simplificatioun an eng gréisser Transparenz wat den Zougank zur Administratioun an d'Paperasse bei Autorisatiounen oder Oplage betrëfft, ouni datt dobäi awer déi ekologesch Substanz oder déi sozial Substanz däerf verluer goen.

Do, Här Sunnen, ginn et vläicht Ënnerscheeder zu deem wat Dir gesot hutt a wat mir mengen. Mir soe Jo zur Simplificatioun, mä awer net wann et op d'Käschte vun ekologescher a sozialer Substanz bei de Genehmegunge geet.

Wichteg ass an eisen Aen awer och d'Schafung vun enger neier Motivatioun vun de Beamtinnen a Beamten, fir deenen neien Erfuerdernisser gerecht kënnen ze ginn. Eng Partie positiv Mesuren an deem Sënn, wat zum Beispill d'Aarbechtszäitmodeller, d'Deelzäitaarbecht an esou viru betrëfft, hu mer viru kuerzem bekanntlech, mam Vote iwwert d'Gesetz vum Statut du fonctionnaire, dem Fonctionnairesstatut, hei gestëmmt. Zumindest d'Richtung huet bei dësem Projet an eisen Ae gréissstendeels gestëmmt.

Bleift awer e fundamentale Problem, deen och mat Motivatioun oder Resignatioun oder just nach mat „Dienst nach Vorschrift„ ze dinn huet, ze léisen, an dat ass an eisen Aen an enger ganzer Rei vu staatlechen an öffentlechen Infrastrukturen en zum Deel absolut drastesche Mangel u Personal, dee mer nach ëmmer hunn. Hei huet an eisen Aen an deene vergaangenen zéng bis 15 Joer den CSV-Stat kloer versot a seng Hausaufgabe net uerdentlech gemaach. Hei muss elo endlech nogebessert ginn, woubäi mir der Meenung sinn, datt an enger ganzer Rei vu Beräicher den Numerus clausus misst opgelackert ginn, fir den Nohuelbedarf op ville Plazen esou schnell wéi méiglech opzeschaffen. Et ass jo haut bekanntlech net méi esou, datt et e Mangel u Kandidate bei der Rekrutéierung géif ginn.

An engem Saz wéi a villen, wann noweisbar an eisem Land, an der Ekonomie, déi sech ëmmer méi entwéckelt huet, vun den Dossieren hier a vun der Komplexitéit vun den Dossieren a vun de Réglementatiounen hier, wann dat ëmmer méi zouhëlt, da muss ee sécherlech engersäits un eng Simplificatioun vun de Prozeduren denken, mä et misst een op där anerer Säit awer och an enger Rei vun Administratiounen an op enger Rei vu Gebitter: Environnement, Santé, Steieren, Schoul, Sécherheet, fir der nëmmen e puer ze nennen, fir wierklech staark personell Verstäerkunge suergen.

Dat ass op jidde Fall eis Meenung, fir déi mer eis och an deene kommende Méint nach weiderhi wäerten asetzen. Op de Problem vun den Organisatiounsforme vun den öffentlechen Aktivitéiten, wat jo eng ganz komplex Problematik ass, déi jo och schonn hei vu munche Riedner ugeschwat ginn ass, wëll ech elo net agoen. Ech mengen nom Här Urbany kënnt mäi Fraktiounskolleeg François Bausch. Dee wäert dat dann an eisem Numm maachen.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Wéi halen ech et mam öffentleche Service, Dir Dammen an Dir Häre? Ech mengen dat ass eng vun deene wichtegste Froen an Zukunft virun dem Hannergrond vun der weltwäiter Globaliséierung, an ech mengen och, dass dat muss ee vun de wichtege Wahlpréifsteng fir d'Biergerinnen a Bierger bei den nächste Wahle ginn, an ech fannen an deem Sënn ass déi Debatt hei och sënnvoll.

Verschidde Leit hu sech jo och hei scho ganz kloer positionéiert an där Fro. Ënner anerem den ADR, andeem e gesot huet, dass e fir d'Liberaliséierung wier.

***(Interruption)***

Fir eng geregelt, dann eben.

Ech wëll hei eng Fro erausgräifen, dat ass déi vun den Etablissements publics. Déi erfreeë sech jo bekanntlecherweis enger gewësser Beléiftheet, well se am Géigendeel zu der zentraler Verwaltung net streng hierarchesch organiséiert an an d'Administratioun agebonne sinn, mä dezentral sech enger Rei vun Tâchen unhuelen, déi méi no beim Bierger musse geréiert ginn, wuerfir och heiansdo Vertrieder aus der sou genannter Société civile sech dorunner bedeelege kënnen. Selbstverständlech mussen och d'Etablissements publics der parlamentarescher Kontroll ënnerworf ginn, grad esou wéi d'Regierungsverwaltung dat och misst sinn, an dofir ass et jo och gutt, dass d'Cour des Comptes sech där Tâche unhëlt.

De Problem zu Lëtzebuerg ass, dass d'Etablissements publics dacks à la tête du client zesummegesat gi sinn an et keng Kohärenz, weder bei der Gestioun, nach beim Statut vum Personal gëtt. Do huet awer elo den Institut européen d'administration publique vu Maastricht, a wann ech soe Maastricht, dann huet jo esou en Institut eigentlech a priori net de Verdacht antiliberal ze sinn, e memorable Virschlag zum Schluss vu senge Konklusioune gemaach, an ech mengen dat eleng erkläert scho bal e bëssen, firwat dass déi Etüd am Tirang esou laang leie bliwwen ass.

En huet nämlech virgeschloen, d'Personal vun den Etablissements publics sollt dem öffentleche Statut vun der Fonction publique ënnerstallt ginn, fir d'Eenheet vum Personal an der Administratioun net a Fro ze stellen. Ech wëll kuerz doraus zitéieren, dat huet bis elo nach kee gemaach, mä dat schéngt mer awer interessant ze sinn.

Déi Leit soen: «Dans le but de renforcer la sécurité juridique et de garantir une certaine homogénéité dans le domaine de la politique du personnel, l'IEAP» - dat ass dat Institut - «propose de soumettre tous les établissements publics au même régime et notamment au droit public. (…) L'avantage d'une telle approche consiste à ne pas mettre en cause le principe de l'unité de la fonction publique et à créer les mêmes critères de recrutement, de promotion, de sécurité d'emploi, etc., pour les agents des départements ministériels, des services déconcentrés ou généraux, et pour tous les agents des établissements publics.

En tout état de cause, l'introduction de statuts différents avec divers critères de recrutement, systèmes de rémunération, critères de promotion, perspectives de carrière, régimes de protection contre les licenciements abusifs (…) risque de favoriser un esprit de compétition entre les différentes institutions et, par conséquent, de compromettre la stabilité et la paix sociale du pays.»

Ech fannen dat eng äusserst wichteg an interessant Ausso, déi do gemaach gëtt. Et wonnert mech just, dass den Interpellant déi Ausso net a senger Interpellatioun opgegraff huet, well ech fanne wéi all Partei heibanne misst och d'LSAP sech an Zukunft bekennen dozou fir wat fir ee Statut fir d'Personal an den Etablissements publics si zum Beispill antrëtt.

De Rapport Roux-Scoffoni kënnt leider deelweis erëm op déi Virschléi zréck. Ech weess net, ob se dat elo maachen op Ufro vun der Regierung oder well se gespuert hunn, dass de Wëllen däitlech vun der Regierung do wier, fir an eng aner Richtung ze goen. Déi zwee Auteurë schloe vir d'Etablissements publics industriels et commerciaux, au contraire zu deem wat déi aner Etüd gesot huet, engem Statut de droit privé zouzeféieren, ënner anerem wat d'Personal ugeet. Dat géif awer erëm eng Kéier munches bedeiten. Zum Beispill fir d'Post, wat jo och evidenterweis en Etablissement public industriel et commercial ass, wou jo awer de Moment de Statut public virherrscht, wann esou eng Loi-cadre, wéi virgeschloe gëtt an deem Avis, géif kommen, wou dann all Etablissement public industriel et commercial géif der Privatiséierung ënnerworf ginn.

Ech mengen dofir et soll een dee Virschlag unhuelen, wéi déi Leit vum Maastrichter Institut e maachen. Et géif eng gewësse Rou an d'Diskussioun bréngen, et kéint een d'Fro vun der néideger staatlecher Dezentraliséierung a Flexibiliséierung vill méi entkrampft ugoen, well jo dann net méi all Kéiers mat dem drohende Privatstatut d'Existenzangscht géif opkomme bei deene Leit, déi an deene Beräicher do schaffen.

Prinzipiell mengen ech souguer, doriwwer erausgoend, dass eng vun de grousse Froen an der Zukunft déi wäert sinn, generell e gewësse Statut ze schafen an der Gesellschaft vum Aktiven, net nëmmen an der Fonction publique, dee gewësse Garantië vu Rémunératioun no Qualifikatioun an och vu Recht op Aarbecht géif schafen oder op indemniséierte Chomâge, wann dat net ka wouergeholl ginn. Dat wär eng Saach, fannen ech, déi d'Avantagë vun der Fonction publique an engem gewësse Mooss géif op d'ganz Gesellschaft ausdehnen.

D'Regierung huet elo awer déi Zäit, wou déi Maastrichter Etüd am Tirang louch, an dat si bal zwee Joer hier, genotzt fir äifreg ze privatiséieren. Wann ech nëmme kucken déi verschidde Projeten, déi hei votéiert ginn, zënter där Zäit, wou ech d'Éier hunn hei an der Chamber ze sinn, dat gëtt haut iwwregens genau ee Joer - et ass och de Gebuertsdag vu menger Fra gläichzäiteg, dofir erënneren ech mech drun -…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Hutt Dir da scho Blumme kaaft ?

***(Hilarité)***

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech muss ze vill schaffen, ech sinn nach net dozou komm, mä dat kënnt awer nach, Här Di Bartolomeo. Obschonn ech hei jo am Kader vum Stat schaffen, sinn awer d'Bedéngungen heiansdo déi vum Privatsecteur, muss ech soen.

Une voix.- Jo, et ass net esou einfach wann een eleng ass!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Mä während där Zäit ass de Führerschäinsservice zum Beispill, also eng zentral staatlech Souverainetéitsaufgab, un eng privat Gesellschaft iwwerdroe ginn. D'Chambre des Fonctionnaires huet deemools geschwat vun engem geféierleche Prezedenzfall.

Et ass während där Zäit eng privat Flughafegesellschaft geschafe ginn, de Statsrot hat virgeschloen en Etablissement public ze maachen.

D'Funktioun vum vermiessende Geometer ass praktesch ganz aus dem Kadasteramt, wat jo awer e Kärberäich vum Stat ass, erausgeholl ginn an et ass en neie liberale Beruff gemaach ginn, nodeem jorelaang d'Situatioun an där Verwaltung verfaule gelooss ginn ass.

De Fonds Belval-West ass zwar en Etablissement public ginn, mä ee mat Privatstatut, an deem d'Zivilgesellschaft net vertratt ass.

Aus dem Registre de commerce, enger eminent wichteger staatlecher Kontrollfunktioun, ass e Groupement d'intérêt économique gemaach ginn, wat eng komplett inadequat juristesch Formatioun ass, déi aus dem Wirtschaftssecteur eraus iwwerdroe ginn ass op eng Plaz, wou se absolut net higehéiert.

A geschwë soll d'Uni Lëtzebuerg votéiert ginn, erëm en Etablissement public mat Privatstatut, deen zu enger autokratescher Gérance am ganzen Héichschoulwiese soll féieren, ënnert der Kontroll zwar vun der Regierung, mä ouni Matbestëmmungsméiglechkeete vun deenen, déi do schaffen, wat jo awer grad den Avantage vun engem Etablissement public kéint sinn, an dat soen iwwregens och d'Expäre Roux a Scoffoni an hirem Bericht.

D'Regierung huet also d'Chamber an där Fro un der Nues erëmgefouert an elo, ee Joer virun de Wahlen, gëtt wahrscheinlech de Rapport Roux-Scoffoni geholl fir en an engem Punkt duerchzesetzen, an dat ass dee wou e virschléit de Privatstatut anzeféieren, bei allen Etablissements publics à caractère industriel et commercial, ouni dass gläichzäiteg geséchert ass, dass d'Services publics eng ugemiessen a wuessend Plaz hei am Land an Zukunft wäerten anhuelen. An dofir sinn ech och op d'Aussoe gespaant, déi d'Madame Ministesch an deem Zesummenhang wahrscheinlech maache wäert.

Mä d'Fro vun der Gestiounsform ass och eng wichteg Fro an de Gemengen, virun dem Hannergrond vun der Liberaliséierung zum Beispill vun de Gemengeservicer a Gebitter wéi dem Elektreschen oder dem Gas. Privatiséiere mer hei oder bleift et an der öffentlecher Hand? Dat ass a ville Fäll déi entscheedend Fro.

A grad do, muss ech awer soen, huet de Rapport vun deenen zwee Hären aus Frankräich iwwert d'Roll vum Stat entscheedend Aussoe gemaach, andeem e sech ausgeschwat huet fir e kommunalen Etablissement public, well e seet eng privat Gestiounsstruktur géif an deene Beräicher zu enger Dilution, wéi e seet, zu enger Verwässerung vun der Notion même de service public féieren, an de Guichet unique géif och a Fro gestallt ginn, deen a verschiddene Gemengen amgaange wär opgebaut ze ginn.

D'Fro stellt sech och bei den Tariffer vun de Gemengendéngschtleeschtungen, wéi mer sollte virugoen. Ech menge si däerften net de reelle Coût vun den Déngschtleeschtungen erëmspigelen, well et ass jo de groussen Avantage vun de Services publics par rapport zu de private Servicer, am Hibléck op d'Cohésion sociale vun där ëmmer esou vill geschwat gëtt, dass se dat net maachen. An och do seet de Rapport iwwert de Stat: «L'égalité d'accès au service est permise par sa gratuité ou sa quasi-gratuité, s'agissant des services administratifs et sociaux, et par la pratique de prix abordables et «péréqués», s'agissant des services économiques.»

An dat ass am Widdersproch zu deem wat zum Beispill den Här Wolter, den Innenminister, seet a wat och verschidde Gemenge maachen. Och weist de Rapport drop hin, dass d'europäesch Vertrëg ouni Zweifel virgesinn, dass iwwert den «noyau dur incompressible» vum Service universel kënne Services d'intérêt économique geschafe ginn, wa se net iwwerproportional d'Regele vun der Konkurrenz verletzen, dass also Staten net missten, seet de Rapport, bei de Basisservicer bleiwen, mä roueg de Service public kéinten ausbauen.

E weist awer och drop hin, dass d'Konkurrenz mam Privatsecteur eng irrésistibel Dynamik vu Privatisatioun géif ausléisen. Et wär dofir och absolut vital menger Meenung no d'Services économiques an déi nei europäesch Verfassung anzeschreiwen, fir se vun der allgemenger Konkurrenz erauszehuelen, an ze verhënneren, dass se duerch de Konkurrenzdrock lues a lues sech dem Privatsecteur upassen, zum Beispill um Niveau vum Personal.

Mä och wann dat net de Fall ass, mengen ech, soll een all Hiewelen a Bewegung setzen, fir de bestoende Spillraum ze notzen, d'Services publics ze halen an och auszebauen.

Ech huelen d'Zäit vun de Motioune mat bäi, Här President.

De Rapport seet och: «Si les traités communautaires ont joué le rôle d'un catalyseur de réformes, ils ne proposent pas un modèle d'organisation administrative: ce vide profite donc aux réformes de type britannique ou américain.» Dee Vide do, mengen ech, misst d'Politik och zu Lëtzebuerg opfëllen, mat engem lëtzebuergesche Modell vum Service public.

D'Auteurë vun deem Rapport mengen och allgemeng, dass den europäesche Facteur net duer geet fir déi allgemeng Privatiséierungswut ze erklären, déi an de 70er Joren an den USA ugefaangen huet a beaflosst ginn ass duerch d'Mondialiséierung an d'Gewiicht vun de multinationale Firmen. Dat soen se ganz däitlech an hirem Rapport.

Si hunn och menger Meenung no eng interessant historesch Approche gemaach, an där se opweisen, dass déi aktuell virherrschend Mentalitéit méi mat verschiddene politeschen Approchen ze dinn huet wéi mat onauswäichlechen Noutwendegkeeten. Si warnen also virun enger Fatalitéit op deem Gebitt, an dat huet mer zum Beispill awer ganz gutt, Här Krecké, an deem Rapport do gefall.

Si weisen och zum Beispill ganz kloer drop hin, wat fir Nodeeler d'Privatiséierung kéint hunn, zum Beispill wat d'Sécherheet vun de Konsumenten ugeet.

***(Interruptions)***

Ech mengen et sinn och méi wéi e puer Zeilen, déi ee ka gebrauchen. Et si Konklusiounen dran, déi ee kann ënnerstëtzen, et sinn anerer dran, déi een net kann ënnerstëtzen, wéi an all Rapport, mä ech fannen insgesamt ass de Rapport en interessante Bäitrag zu eiser Diskussioun.

Ech wëll och eng Kéier hiweisen op déi grouss Geforen, déi vun de GATS-Verhandlungen ausginn. Ech wëll awer elo net an den Detail goen, well ech awer elo meng Riedezäit net hei ze vill wëll iwwerstrapazéieren.

Ech wëll och d'Services publics net idealiséieren. Ech mengen d'Services publics misste verbessert ginn, si misste méi no bei de Leit sinn, si misste méi op si fir d'Leit a Reforme sinn noutwendeg. Et missten zum Beispill an de Quartiere méi öffentlech Infrastrukture sinn, déi d'Grondbesoine vun de Leit ofdecken, an op de Gemenge misste Guichets uniques funktionéieren, déi d'Verwaltung méi no bei d'Leit bréngen.

Fest steet awer, an domat wëll ech ofschléissen: A Privatservicer gëtt et keng Uspriechpartner fir d'Leit, déi am allgemengen Interessen denken, déi net kommerziell denken. A Privatbetriber gëtt et keng Offeleeung vun der finanzieller Situatioun, et gëtt keng Transparenz. D'Leit wielen d'Deputéierten an d'Chamber, si wiele Gemengeréit an de Gemengerot, si wiele keng Vertrieder an d'Verwaltungsréit vun de Gesellschaften. An déi Verwaltungsréit vun de Gesellschafte sinn hinnen och a kengem Fall Rechenschaft schëlleg.

Dofir fannen ech, dass och an demokratescher Hisiicht de Service public déi grouss Erausfuerderung vun der Zukunft ass, a fir nach eng Kéier kuerz an engem leschte Saz anzegoen op dat wat den Här Henckes virdru sot: Mir wëlle keen „tout Etat“, mä mir wëlle méi Selbstverwaltung vun de Bierger. Ech mengen, dass de Stat kann de Contraire si vu Selbstverwaltung vun de Bierger, an en huet dacks bewisen, dass en dat ka sinn, mä ech fannen awer op jidde Fall, dass d'Privatiséierung mat Sécherheet keen Ausdrock ass vu Selbst-

verwaltung vun de Bierger. Dofir fannen ech, dass dës Diskussioun vun de Services publics eng wesentlech demokratesch Fro ass, niewent deem sozialen Aspekt, dee se och huet.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner huet d'Wuert den Här François Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll haaptsächlech a menger Interventioun zu dem Volet vun den Etablissements publics Stellung bezéien.

Dat ass eng Diskussioun, déi huet an Zwëschenzäit schonn e laange Baart, well an den 90er Joren hate mer hefteg Diskussioune ronderëm d'Schafung vun ëmmer neien Etablissements publics a wat fir eng Statuter a Gestiounsstrukturen déi Etablissements publics sollte kréien. Et gëtt onzähleg Avisë vun der Chambre des Fonctionnaires aus den 90er Joren, wou ëmmer erëm de Fait kritiséiert gëtt, datt de Stat géing andauernd nei Etablissements publics schafen, ouni datt en eenheetleche Kader géing do bestoen.

Et gëtt och onzähleg Kriticke vum Conseil d'Etat bei verschiddenen Etablissements publics, déi an den 90er Jore geschafe gi sinn an och nach ganz rezenterweis, déi ëmmer erëm drop hiweisen, datt keen uerdentleche Kader besteet, deen Transparenz an deem Beräich erméiglecht.

Last but not least hate mer eng hefteg Diskussioun am Kader vun den Dysfonctionnementer an der Santé ronderëm dee Volet. Eng vun deene wichtegste Konklusiounen deemools war, datt gesot ginn ass, datt wéinst deenen negativen Erfahrungen, déi gemaach gi sinn, niewent der Etüd, fir de konventionéierte Secteur ze analyséieren, an deene Joren duerno misst eng Loi-cadre geschafe gi fir an dee gesamte Beräich Etablissements publics Uerdnung eran ze bréngen.

Ech wëll och drop hiweisen, datt d'Etüd vum Här Frieseisen aus den 90er Joren an engem grousse Kapitel dorop agaangen ass. Vill vun deene Konklusiounen, déi niddergeschriwwe goufen, sinn eigentlech déiselwecht wéi déi, déi an deenen zwou Etüden erëmzefanne sinn, déi mer d'lescht Woch op den Dësch geluecht kritt hunn, esou gutt déi mam Titel „Le rôle de l'Etat", wéi déi vun dem Maastrichter Institut, wou Kritäre sollen definéiert ginn, woubäi ech awer vun der Geleeënheet profitéiere fir nach eng Kéier ze protestéieren, datt den Deputéierten déi Maastrichter Etüd esou laang virenthale gouf. Dat ass net normal.

Ech hunn dem Här Statssekretär dat och d'lescht Woch an der Kommissioun gesot. Spéitstens wéi déi Question parlementaire vum Här Krecké virun aacht Méint komm ass, hätt d'Chamber déi Etüd missen zougestallt kréien. Et kann dach net sinn, datt ech geäntwert kréien, d'Regierung hätt sech selwer fir d'éischt missen e Reim driwwer maachen, wat se géing doraus zréckbehalen, well d'Regierung hätt sech jo selwer déi Etüd bestallt, an zemools wann ech gesinn, datt dat wat aus der Etüd: „Le rôle de l'Etat" zréckbehale ginn ass, rose wéineg ass, ganzer dräi Säiten, woubäi ze soen ass, datt déi dräi Säite sech einfach referéieren op e Modell a wat fir eng Richtung d'Regierung soll goen, an dat elo éischter de franséisch-belsche Modell ass, wat och eng zimlech Logik huet, well eise ganzen Droit administratif op deem franséisch-belsche Modell opgebaut ass an net op deem däitsche Modell, deen och an där Etüd analyséiert gëtt.

An der Etüd «Le rôle de l'Etat» steet bei deem Kapitel um Schluss: „Une remise en ordre au sein des établissements publics apparaît donc indispensable pour établir un peu plus de transparence et de cohérence dans ce secteur". Et rejoignéiert dat, wat ech selwer als Rapporteur an enger Note elo kierzlech geschriwwen hunn, déi fir vill Welle gesuergt huet am Lëtzebuerger Land, wéi och bei engem Fraktiounspresident hei am Parlament. Ech stellen awer fest, datt dat, wat eigentlech an der Etüd „Le rôle de l'Etat" zréckbehale ginn ass, quasi deckungsgläich ass vun de Kriticken hier mat deenen, déi ech a menger Note geschriwwen hunn, wat den allgemenge Kader ubelaangt, virun allem deen Aspekt, dee jo wichteg ass, datt et verpasst ginn ass no 1998, no deenen Dysfonctionnementer an der Santé, derfir ze suergen schnellstméiglech Transparenz ze schafen an dat Kadergesetz anzebréngen.

Et ass elo esou, datt an der Etüd „Le rôle de l'Etat", ënner Sektioun 3, „Les réformes souhaitables" sech op déi franséisch-belsch Gesetzgebung referéiert gëtt an den Ënnerscheed gemaach gëtt zwëschent deenen zwou verschidde Forme vun Etablissements publics, déi ee kann hunn. Dat ass engersäits den Etablissement public administratif an anerersäits den Etablissement public industriel et commercial. Et ass zimlech evident, den Etablissement public administrif, et steet och an der Etüd dran, fält ganz kloer ënnert de Régime de droit public, mat allem wat dozou gehéiert.

An ech muss lech soen, wann ech déi Polemik kucken, déi an deene leschten Deeg lancéiert ginn ass ronderëm en Etablissement public, nämlech de Fonds du Kirchberg, a vu datt jo do de President vun deem Fonds du Kirchberg och an engems Administrateur ass am Ministère, also en Zoustand, deen ech perséinlech net als glécklech emfannen, well do eng Persoun sech permanent selwer kontrolléiert, awer och d'Informatiounen huet iwwert dat, wat d'Regierung wëlles huet, dann hunn ech e Verdacht, wann ech déi Avis juridiques liesen, déi deen Etablissement public sech entre-temps gi gelooss huet, wou alles voll an d'Richtung geet, fir wëllen ze beweisen, datt si eben net en Etablissement public administratif sinn, mä en Etablissement commercial et industriel, an elo scho Jalonë gesat gi vu Verschiddenen, fir an d'Richtung ze goen, fir eben net ënnert den Droit public ze falen, mä ënnert dee vum Etablissement public industriel et commercial, deen ënnert engem Statut privé leeft, mat allem wat dozou gehéiert, nämlech manner Kontroll vum Stat, manner Kontroll vum Législateur, manner Kontroll vun der Öffentlechkeet.

Eleng doraus schielt sech schonn eraus, datt wa mer dat Gesetz dann elo endlech solle kréien, an ech hoffen, datt mer dee Kader endlech schafen, wat sech do fir eng gewalteg Diskussioun hannendru verstoppt, wou wahrscheinlech da versicht gëtt de part et d'autre fir net ënnert den Etablissement public administratif ze falen, fir sech deem Contrôle ze entzéien. Fir eis als Gréng ass dat op alle Fall kloer, wann ee liest, wat laut dem franséische Recht ënner Etablissement public industriel et commercial fält.

Do gëtt et verschidde Kritären, awer den Haaptkritär ass, datt et en Etablissement public muss sinn, deen eng Activité huet „consistant à produire ou à vendre des biens ou des services", a virun allem, datt als Critère supplémentaire gesot gëtt, datt den Etablissement public nëmmen op Basis vu Redevancë ka fonctionnéieren, e muss sech also selwer finanzéieren, dat heescht, datt en a kengem Fall an iergendengem Sënn Subventions publiques kritt oder an engem anere Sënn Gelder, sief et, datt en och nëmmen indirekt vum Stat ofhängeg ass. Wann ee kuckt, wat fir Etablissements publics mer zu Lëtzebuerg hunn, da wäerten et der ganz wéineg sinn, déi am aktuelle Stadium ënnert deen do Kritär wäerte falen, jiddefalls wäerte mir versichen ze verhënneren, datt verschidde ganz Louser probéieren an d'Richtung ze goen, fir sech dee Statut ze ginn, fir sech all Contrôle ze entzéien.

Wat fir eis awer och grad esou wichteg ass, an dat fannen ech interessant an där Etüd a rejoignéiert och e bëssen déi Kriticken, déi ech a menger Note gemaach hunn, dat ass deen éischte Punkt, wou gesot gëtt, egal wat fir en Etablissement public et ass, ob et en Etablissement public commercial et industriel ass oder administratif, all mussen se ënnert de Contrôle vun der Cour des Comptes falen. Dat geet ganz däitlech aus där Etüd ervir, an dat strooft all déi Ligen, inklusiv den Här Weiler, deen nach virun enger Woch behaapt huet, datt hien eigentlech der Meenung wär beim Fonds du Kirchberg, datt d'Cour des Comptes d'Recht net hätt, fir d'Gestioun vun deem Fong ze kontrolléieren.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Dat hätt verschidde Leit arrangéiert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Hei steet et schwaarz op wäiss.

An dann den zweete Punkt, deen ass genausou wichteg, datt mer an Zukunft e Contrôle de la performance kréie bei den Etablissements publics. Dat ass eppes, wat mer haut iwwerhaapt net kennen. De Moment ka jiddfereen erziele wat hie wëllt. Wann ech dat Beispill huele bei deem ech elo grad war, do gëtt gesot als Argument, firwat sech esou vill opgereegt gëtt, et brauch ee jo nëmmen um Kierchbierg ze kucken, wat fir eng formidabel Saachen do gemaach ginn, datt do jo alles tipptopp a schéin ass.

Dobäi gëtt awer vergiess ze soen, datt deeselwechte Fong fir d'éischt emol alles schlecht gemaach huet, wat en elo erëm gutt mécht. Dat heescht, wa mer dee Contrôle de la performance gehat hätten, dann hätte mer wahrscheinlech emol missen Ufanks den 90er Joren en zimlech desastréise Bilan zéien, wou mir festgestallt hätten, datt do eng ganz Rei Feelentwécklungen décidéiert gi sinn an deene Jore virdrun, wou Milliounen a Milliounen öffentlech Gelder regelrecht zur Fënster erausgeheit gi sinn, well mer déi Feeler jo elo erëm musse mat öffentleche Gelder korrigéieren.

Et gesäit een hei schon, datt an där Etüd „Le rôle de l'Etat", zumindest wat dat dote Kapitel ubelaangt, ganz interessant Saachen dra stinn, déi eng hëtzeg Diskussioun verspriechen, wa mer doriwwer an deenen nächste Méint, esou wéi ech hoffen, diskutéiere wäerten.

Ech bedaueren et, datt mer erëm eng Kéier fënnef Joer Zäit verluer hunn, ier mer hei e Schratt weiderkomm sinn, wou mer erëm nëmmen Etüden ausschaffe gelooss hunn, woubäi ech awer der Meenung sinn, an ech kommen nach dorobber zréck, datt eigentlech de Gros vum Desaster schonn am Rapport Frieseisen, vläicht net esou am Detail, mä zumindest an de grousse Linnen opgewise war.

Elo kommen ech zu de Motioune vum Här Graas, virun allem zur Motioun 2. Do muss ech soen, do hunn ech awer misse grinsen, wéi ech virun allem dee leschten Tiret gelies hunn, wou steet: „invite le Gouvernement à charger un groupe de travail interministériel d'entamer une réflexion en profondeur en fonction des conclusions contenues dans les deux rapports sur le rôle de l'Etat".

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Här Bausch, dat ass dach de Geck mat sech selwer gemaach.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Jo, dat heescht, mir hu fir d'éischt emol schonn an den 90er Joren x-mol festgestallt wou d'Problemer leien, Etüde gemaach. Ech hunn de Rapport Frieseisen zitéiert. Et gëtt och nach aner Etüden, déi mer scho gemaach hunn. Et gëtt och e Rapport vum Conseil économique et social, dee gemaach ginn ass an den 90er Joren.

Ech wëll drop hiweisen, datt ech selwer den 28. Mee 1998 nach eng Interpellatioun do iwwer um Knuedler gemaach hat zum nämlechte Sujet wéi den Här Krecké, an du krut ech geäntwert, wéi ech ähnlech Froen opgeworf hunn, vum Här Wolter, deen deemools Minister war vun der Fonction publique, datt d'Regierung sech 1996 en Aktiounsplang ginn hätt, Här Graas, an an deem Aktiounsplang sinn dräi Punkten enthale gewiescht.

Éischtens d'Missioune vum Stat an den Interventiounsgrad vu senge Servicer festzehalen. Zweetens déi intern Organisatioun an d'Prozedure vun der Verwaltung ze duerchliichten. Drëttens d'Statspersonal fir d'Reform ze mobiliséieren an d'Gestioun vum Personal ze verbesseren. An do ass gesot ginn, datt fir dat doten ëmzesetzen nach just géing gewaart ginn op e Rapport vum Conseil économique et social, deen deemools vun der Regierung an Optrag gi war, deen och kuerz duerno erauskomm ass, an da géing et lassgoen, da géing ugerappt ginn, da géinge mer dat doten alles ëmsetzen.

Wa mer dann elo hei feststellen, fënnef Joer duerno, nodeem mer erëm eng Kéier zwou Etüde virleien hunn, datt mer elo als Konklusioun sollen zéien, datt och nëmme Groupes de travail interministériels solle chargéiert ginn, déi Reflexioune maachen, en profondeur och nach.

Ech weess net wéi laang, datt mer mussen op deem heite Gebitt nach Reflexioune maachen. Mir sinn op alle Fall der Meenung, datt och dës Regierung a virun allem d'Demokratesch Partei e grousst Kapitel an hirem Wahlprogramm stoen hat vum effikasse Stat. Et deet mer Leed, Dir Hären an Damme vun der Demokratescher Partei, wann Der dat eescht geholl hätt en fonction vun deenen Antécédenten an den 90er Joren, wou Der selwer an der Oppositioun waart, wou Der hei heftegst mat kritiséiert hutt, dann hätt méi missen erauskommen no fënnef Joer, wéi dat wat hei an dëser Motioun steet, an dofir ass et fir mech wéi eng Bescheinegung - am léifste géing ech se matstëmmen - vum Echec vu fënnef Joer Politik, mä dat maache mer awer net. Mir wäerten eis selbstverständlech bei der heiter Motioun wéinst deem dote Grond, Här President, enthalen.

D'Motioun 3 vum Här Graas kënne mer stëmmen, obschonn een och do muss soen, wann hannendru gesot gëtt : «à accélérer d'ici la fin de la période législative les travaux en matière de réforme des heures d'ouverture des bureaux et simplification des formulaires», dass dat alles och Saache sinn, déi am Kader vun deem wat ech virdru gesot hunn, ganz wichteg sinn. Wann elo gesot gëtt bis zum Schluss vun der Legislaturperiod, datt dat an zéng Méint soll accéléréiert ginn an nach vill a Bewegung soll gesat ginn - ech hoffen, datt et de Fall ass -, wann dat de Fall ass, da wäert ech lech nach virum Wahldag félicitéieren dofir. Ech sinn awer emol gespaant!

Mir kënnen awer déi Motioun stëmmen, mir hunn domadder kee grousse Problem, well et steet näischt Falsches dran. Mir si just der Meenung, datt eigentlech vill Saache längstens hätte misse schonn ëmgesat sinn, vu datt eng ganz Rei Analyse scho laang gemaach waren.

Dem Här Henckes seng Motioun 4, mam beschte Wëllen, Här Henckes, ech weess net wat Der lech virstellt, wann Der eng Etüd verlaangt iwwert d'Masse salariale am Secteur public. Also wann et ee Secteur gëtt, wou d'Transparenz besteet wat d'Paien ubelaangt, dann ass et awer de Secteur public, dat ass jo öffentlech. Wat hätt Der dann nach gäre méi wéi dat? Dat kënnt Der noliesen an Dokumenter, Dir gesidd am Budget wéi d'Masse salariale ass an och wéi d'Evolutioun ass. Ech hunn de Verdacht, Här President, datt déi Motioun 4 hei vum Här Henckes an déi üblech Masch erapasst. Mir wëssen net esou richteg wat mer nach solle fuerdere par rapport zum Stat, an et geet hei haaptsächlech drëm déi üblech Sozialnetzschinn ze fueren. Mir wäerten déi Motioun op alle Fall net stëmmen.

Mat der Motioun 1 vum Här Krecké hu mer kee Problem. Si resüméiert grosso modo dat wat mer an dësem Land schonn zënter 15 Joer diskutéieren. Mir hunn och dofir kee Problem fir déi matzestëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Ministesch vun der Fonction publique, d'Madame Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir fir d'alleréischt all deenen, déi an dësem Débat intervenéiert sinn, en gros merci ze soe fir deen Intérêt, dee se gewisen hunn un der Saach, well d'Saach ass effektiv eng ganz wichteg.

Iwwert de Rôle vum Stat schwätzen heescht iwwert d'Moyene schwätzen, déi eng Gesellschaft an engem gewëssene Moment sech gewëllt ass ze ginn, fir hiert Zesummeliewen esou positiv, esou harmonesch, esou gutt wéi méiglech ze organiséieren. A vu datt mer an enger demokratescher Gesellschaft liewen, huet de Bierger jo hei op d'mannst all fënnef Joer säi Wuert matzeschwätzen. Et geet also wierklech hei ëm d'Essenz vun onser Aarbecht, vun Ärer Aarbecht an Dir drot all Kéiers, wann Der hei e Gesetz stëmmt, dozou bäi de Rôle vum Stat a vun den öffentleche Servicer ze prägen, ze definéieren, a meeschtens heescht dat méi grouss ze maachen.

De Muck Huss huet op eng ganz flott a prezis Aart a Weis nees eng Kéier un den Historique erënnert, deen och d'ailleurs ganz gutt an deem Rapport vun deenen zwee franséische Professeren duergeluecht ginn ass, wéi an deene verschiddenen Zäiten, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä ganz allgemeng an Europa de Rôle vum Stat évoluéiert huet, well mir sinn hei net op enger Insel, an déi Diskussiounen, déi mir hei hunn, déi ginn et an deenen anere Länner och.

Dat Eenzegt wat ee kann ënnersträichen, an dat ass positiv, an ech sinn do ganz mat deem d'accord wat eben déi zwee Professeren och direkt an hirem Rapport ënnerstrach hunn, dat ass, datt déi Diskussioun do an anere Länner op vill méi eng ideologesch, op vill méi eng haart Aart a Weis gefouert ginn ass, zu vill méi Konflikter gefouert huet, während bei eis se meeschtens wierklech am Konsens an op eng ganz pragmatesch Aart a Weis gefouert gouf.

An d'Diskussioun iwwert d'Etablissements publics, op déi ech herno nach zréckkommen, weist jo wéini déi meeschten Etablissements publics gestëmmt gi sinn. Ech soen elo einfach d'Realitéit, ech maache keng Accusatioun, mä déi sinn effektiv an deene 15 Joer virun dëser Regierung gemaach ginn, an zwar 40 Stéck.

***(Interruptions diverses)***

Neen, ech maachen e Constat, an Dir hutt se mat gedroen. An deene leschte véier Joer hu mer siwen nei

Etablissements publics geschaaft, wou d'sozialistesch Fraktioun véiermol och hiren Accord ginn huet. Wat ech domat wëll ënnersträichen ass ganz einfach.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Mir hunn näischt géint d'Etablissements publics, dat ass d'Fro dach net!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir musst eis just eppes iwwert de Statut vum Personal soen.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Gitt Der mer vläicht d'Chance mäi Saz fäerdeg ze maachen?

Wat ech heimat wëll soen ass, datt bis elo versicht ginn ass op eng pragmatesch Aart a Weis op d'Problemer, op d'Besoinen, déi ons Gesellschaft hat, anzegoen, a mir sinn dat net ideologesch ugaangen. An Dir wonnert Iech, firwat datt ëmmer op Iech elo gekuckt gëtt. Ech bedaueren deen Toun, deen den Här Krecké fonnt huet, eng polemesch, jo aggressiv Aart a Weis fir déi Problematik do unzegoen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Dir kënnt Iech net méi un Iech erënneren!

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Dee passt ganz einfach net hei zu der Thematik, déi wichteg ass, an déi mer zesumme sollten ugoen a beschwätzen, wat mir och ganz gewëss gewollt sinn ze maachen.

Fir ons ass et zum Beispill kloer, datt zu de Grondmissioune vum Stat d'Suerg ëm d'Gerechtegkeet an d'Sécherheet gehéiert, an historesch sti si nun emol ganz einfach och um Ufank vum Stat a si behalen haut grad esou wéi fréier hir Wichtegkeet, och wa mer eben op dësem Gebitt eng enorm Evolutioun, besonnesch zënter dem Zweete Weltkrich erlieft hunn.

An eng zweet Feststellung ass ganz einfach déi, datt déi zwou Motiounen, engersäits vun dem Rôle vum Stat, an d'Missioune vun den öffentleche Servicer hei zu Lëtzebuerg a permanenter Entwécklung sinn. Permanent, all Gesetz, wéi gesot, wat dës Chamber stëmmt, dréit dozou bäi. Dofir eng Standuertbestëmmung ze maache vun Zäit zu Zäit, ass net nëmme wënschenswäert, mä ass ganz einfach noutwendeg.

Den Här Bausch huet och drop higewisen, datt et net déi éischte Kéier ass weder wou mer de Problem erkannt hunn, nach wou mer dovunner geschwat hunn. Ech kann Iech just versécheren, datt dës Regierung zu deenen Engagementer, déi se an hirer Regierungserklärung agaangen ass, steet.

An Här Bausch, ech kann Iech direkt garantéieren, datt bis zum Enn vun dëser Legislatur, an ech hoffen, datt dat an deenen nächste Méint wäert sinn, ech der Regierung a menger Kapassitéit als Minister vun der Fonction publique ganz kloer Propositioune wäert maachen, wéi dann elo déi Kritäre sollen ausgesinn no deene mer zukünfteg d'Etablissements publics sollen organiséieren. Do kann ech sécher sinn, datt all Interpretatioun, déi Dir an de Groupe interministériel leet, net zoutrëfft, mä datt déi hei Propositiounen an dëser Legislaturperiod ganz kloer virgeluecht ginn an och ugeholl ginn. Wéi, do kommen ech nach drop zréck.

***(Interruption)***

Här Krecké, hutt e bësse Gedold. Ech sinn eréischt ganz am Ufank vu mengen Ausféierungen. Ech kommen herno ganz am Detail drop zréck.

Et ass keng Ursaach do an et besteet keen Zweifel dorun, datt dës Regierung wierklech dat, zu wat si sech engagéiert huet, och wëllt duerchzéien, an datt dës Regierung, grad wéi meng Partei, an de Gusty Graas huet et ganz kloer zum Ausdrock bruecht, sech zu engem effikassen an engem dynamesche Stat bekennt. Mir hunn dat ëmmer gemaach a mir wäerten dat och an Zukunft maachen. Mir wäerten dat duerchzéien, zu wat mer eis bekannt hunn.

D'Fro ass: Wat muss de Stat maachen, wat soll e maachen, a leschten Enns wéi soll e sengen Aufgaben am beschte gerecht ginn? Wéi soll e sech organiséiere fir dem Bierger, well ëm dee geet et ëmmer - loosse mer bei allen Diskussiounen dat net vergiessen - dee beschtméigleche Service ze garantéieren? Dat sinn eben, Dir Dammen an Dir Hären, déi Froen, déi mer eis haut sollte stellen an op déi mer solle versichen Äntwerten ze fannen.

Ech wëll dofir ganz kloer dee Reproche hei vun der Hand weisen, dee vum Här Krecké virbruecht ginn ass, vun Inaktivismus oder vu Reforme verschleefen. Et ass enorm vill geschafft ginn, an den Här Schaack an ech selwer hu mat deene Leit aus dem Ministère, déi ons matgehollef hunn dat heiten ze maachen, enorm vill geschafft, fir éischtens Iech dat virzeleeën, wat mer an deene leschte Méint hei diskutéiert hunn, fir Rou a Motivatioun an dee Secteur erëm ze bréngen, a mir brauchen eis dofir déi Ënnerstellung, déi Dir hei gemaach hutt, net gefalen ze loossen! Den Här Schaack wäert en détail op dat zréckkommen oder op dat agoen, wat d'Verwaltungsreform ubelaangt.

Ech wëll op deen anere Volet vun dem Rôle vum Stat a wéi gesot vun dem Etablissement public méi genee agoen. A fir d'alleréischt, fir ze ënnersträichen, wa mer haut déi Debatt hunn, datt et sech eben hei ëm eng Matière dréint, déi eng ganz grouss Komplexitéit beinhalt an déi och net ka vun engem Ministère eleng an Ugréff geholl ginn. Et ass eng Matière, déi, wann een eng seriö Standuertbestëmmung wëllt maachen, wierklech Zäit braucht a vill Consultatiounen och beinhalt. Déi hu mer gemaach, an eiser Verwaltung a mat anere Verwaltungen a mat aneren Institutiounen. An och anerer brauchen Zäit fir zu deem Ofschloss ze kommen.

Erënnert Iech un den Avis vum Comité économique et social. Si haten deen Optrag '96 kritt. Et huet bis 2001 gedauert bis mer en haten. Ech maache keng Kritik, ech stelle just fest, datt wann et ëm esou wichteg Aufgabe geet, een effektiv Zäit braucht. Mir hunn d'Etüd vu Maastricht virgeluecht. An et kann ee froen: Firwat hu mer se net virun aacht Méint kritt. Bon, mir wollten effektiv a mir hate gehofft, wéi dat oft esou ass, et kéint een d'Saachen nach méi schnell maachen an nach méi schnell iwwert d'Bühn kréien, mä wéi esou oft gi mer vun der Zäit ageholl. Mir haten als Regierung gehofft, mir kéinte méi schnell zu dem Ofschloss kommen, dofir krut Dir déi Äntwert. Mäi Gott, vläicht wa mir virdru wäre géinge mir et net méi esou maachen, mä um Fong ännert dat awer näischt.

Ech schwätze vun der Etüd vu Maastricht. Et ass eng ganz gutt, et ass eng grondsätzlech Etüd, déi d'Regierung gebraucht huet an déi d'Regierung ugefrot huet, fir eben an deem komplizéierten a villfältegen Domän sech op en Avis kënnen ze bezéien, wat awer ëmmer nëmmen en Avis ass, an aus deem d'Regierung hir Konklusioune muss zéien, an ech wäert herno drop kommen.

Datselwecht gëllt fir déi Etüd, déi mer ebe bei deenen zwee franséische Professere gefrot hunn, déi méi global ass, déi net nëmmen d'Etablissements kuckt. A firwat ass déi esou wichteg? An egal ob den Här Krecké dat eent oder dat anert do fënnt, mä firwat ass se wichteg? Mä well se d'Problematik an de Gesamtkonzept net nëmmen hei vu Lëtzebuerg, mä och an deen europäeschen an an dee vun deenen anere Länner setzt, a well se eben dat erabréngt wat mer brauchen an esou engem Débat, dat ass Rou an en Iwwerbléck wéi d'Situatioun sech och bei anere stellt, well och hei, wéi gesot, si mir keng Insel.

Wat eis nach feelt, wat nach aussteet, dat muss een och soen, an ech hoffen och do, datt et esou schnell wéi méiglech kënnt, dat ass d'Etüd iwwert de konventionéierte Secteur. Och dat ass en extrem sensiblen Dossier, wann ee weess, datt am Joer 2002 2.314 Leit an deem Secteur beschäftegt waren, 1989 waren et der 1.230, eng enorm Evolutioun also an deene leschten zéng Joer, a wann ee weess, datt dat 2,7% vun eisem Budget ausmécht, da muss een einfach wëssen, datt déi Konklusiounen, déi aus deem Rapport vun deem Groupe de pilotage, deen agesat gi war, och hiren Afloss musse bréngen, wa mer driwwer schwätzen, wéi soll dann elo de Stat sech organiséieren, fir senge Missioune gerecht ze ginn.

Ech hoffe wéi gesot, datt mer déi Etüd och esou schnell wéi méiglech hunn, an da wäert d'Regierung kënnen aus all deenen doten Etüden, déi alleguerte wichteg sinn an déi alleguerten d'Saach vun engem heiansdo anere Point de vue kucken, wa mer déi um Dësch hunn, Reflexiounen zéien an Iech eben och hir Propositiounen hei ënnerbreeden.

Dës Konklusiounen, wéi gesot, Dir Dammen an Dir Hären, wäerten sech méiglecherweis an enger Rei vun noutwendegen Adaptatioune bei eisen öffentleche Servicer ausdrécken, souwuel wat d'Erwaardunge vun de Bierger ubelaangt, awer och a Relatioun mat neie wirtschaftlechen Erausfuerderungen. An ech hu wuel verstane vun Upassungen a vun Evolutioune geschwat. Dat huet näischt mat Revolutiounen a kompletten Ëmkrempelungen ze dinn, well contrairement…

***(Interruptions)***

Also déi Revolutiounen, déi do ze maache waren, déi hutt Dir jo op alle Fall verpasst.

***(Interruptions)***

Ech schwätze vun Adaptatiounen…

Une voix.- Dir sidd net fein mat Ärem Koalitiounspartner!

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Mir schaffen zesummen. Dir sidd déi, déi hei de Mond déck voll huelen, an dofir kritt Dir eben och déi Äntwerten, déi een op esou Interventioune muss kréien.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Ech war awer elo bei den Adaptatiounen a bei den Upassungen, déi an eise Services publics solle geschéien, a wéi gesot, de Jos Schaack kënnt drop zréck. Ech muss just soen, ech hat heiansdo d'Impressioun elo de Mëtten, wéi wa Verschiddener vun den Deputéierten an engem anere Land géinge liewe wéi déi normal Leit hei aus dem Land, well bei deenen hu mer eng Ëmfro gemaach, eng ganz seriö Ëmfro, an do geet ervir, datt 85% vun de Lëtzebuerger fannen, datt déi Déngschtleeschtungen, déi de Stat hinne gëtt, vun enger ganz héijer Qualitéit sinn.

Ech mengen dat ass eng wichteg Feststellung,…

***(Interruptions)***

…dat heiten ass e wichtegen Encouragement fir eis, well - an ech ginn haut net op dee Volet an, deen hate mer virun e puer Wochen hei - d'Motivatioun vun deene Leit, déi déi Servicer ginn, ass och extrem wichteg, an dat soll och jiddferee sech ëmmer iwwerleeën, wann en heiansdo mat engem ganz grousse Faass iwwert d'Leit fiert a wa gesot gëtt, do gëtt näischt gemaach an do gëtt näischt geschafft. Ech fannen net, datt dat e gudden Usporn ass fir wierklech d'Leit ze motivéieren, fir hir Aarbecht am beschten Intérêt vun de Bierger ze maachen.

Ech mengen dofir, wann ee vun neutraler an engagéierter Beamteschaft schwätzt, da muss een och wëssen, datt déi Leit och Encouragement brauchen an och spieren, datt se d'Vertraue vun de politesche Responsablen hunn. Hir Aarbecht op eng onconsideréiert Aart a Weis schlecht maachen, dat fannen ech wierklech eng schlecht a falsch Politik.

***(Interruptions)***

Nun, ëm wat geet et am Fong an eiser Diskussioun. Et kéint een iwwer villes schwätzen, mä ech versichen et op zwee Punkten ze limitéieren. Dat ass: Wat ass dann elo d'Definitioun oder wéi eng Definitioun solle mer gi vun dem Périmètre d'action de l'Etat? An dann duerno d'Fro, nodeem een dat versicht huet ze definéieren - wëssend datt et all Dag évoluéiert -: Wéi soll de Stat dann déi Aufgaben, déi Besoinen erfëllen, déi de Bierger vun him verlaangt, mat wéi enge Mechanismë soll en dat maachen, an do komme mer natierlech da besonnesch op eben de Volet vun den Etablissements publics ze schwätzen, wat eng vun deene Formen ass, déi de Stat sech ka ginn.

Nun, wat muss de Stat maachen? Och hei wëll ech et am Telegrammstil maachen, well de gréissten Deel mengen ech ass ouni Diskussioun déi Aufgaben, déi zu der Souverainetéit gehéieren, déi mussen natierlech vum Stat selwer gemaach ginn, dat ass do wou d'Souverainetéit vum Land um Spill steet, d'Sécherheet souwuel no banne wéi no baussen, d'Justiz mat all deem wat dat heescht, d'Ausschaffe vu Gesetzer, d'Fixéierung vun Normen, d'Geriichtsspriechung, d'Diplomatie, déi awer och zum Deel zu den Intérêten an der Sécherheet no bausse gehéiert, an natierlech alles dat wat de finanzielle Kader vun engem Stat ausmécht, de Budget an d'Steieren. Et ass net denkbar, datt an dësen Domäner de Stat géif op d'Ausübung vu senge Rechter verzichten, wat grad esou grouss Flichte fir hie sinn.

Da kënnt dee ganze Volet vun Aufgaben, wou de Stat d'Solidaritéit muss spillen doen an d'Chancëgläichheet muss kënne garantéieren. Et ass dee Volet, wou de Stat an der Responsabilitéit steet, als Prestataire vun elementare Servicer optrëtt a senger sozialer a gesellschaftspolitescher Missioun gerecht gëtt, awer wou hien och de gesetzleche Kader fir privat Alternative ka setzen. Et sinn dëst déi Aufgaben, wou et heescht de sozialen Zesummenhalt vun der Gesellschaft ze garantéieren a fir Solidaritéit a Chancëgläichheet fir all Bierger ze suergen. Ech denken natierlech, wéi mir alleguerten, direkt un d'Gesondheetswiesen, un d'Sozialservicer, den Drëtten Alter, déi fir all Bierger mussen accessibel sinn, grad och wéi d'Educatioun, wou de Stat muss souwuel fir d'Qualifikatiounsnorme wéi fir d'Programmer bei den Enseignantë gerued stoen, wéi och fir déi néideg Infrastrukture suergen.

An dësen Domäner, déi ganz direkt op d'Wuel vum Bierger an den Zesummenhalt vun der Gesellschaft ausgeriicht sinn, muss de Stat, an onsem Verständnis op alle Fall dofir suergen, datt hei iwwerall eng adequat Offer zu abordable Präisser fir all Bierger zougänglech ass a bleift.

Doriwwer eraus ka sech hei awer eng privat Alternativ oder e private Complément entfalen, deen awer ëmmer nëmme kann ënnert der klorer Supervisioun vum Stat, deen d'Regelen an d'Standarde fixéiere muss, leien. Mir kommen herno nach zréck op d'Manéiere wéi de Stat deenen do Aufgaben a Missioune gerecht ka ginn.

An da kënnt dee ganze Volet, wou de Stat als Régulateur oder eben och Begleeder vun eiser Ekonomie optrëtt, wou en de gesetzleche Kader muss setze fir d'Régulatioun vun de wirtschaftlechen Aktivitéiten, eng Ekonomie, déi sech muss kënnen op ee stabilt prévisibelt juristescht, administratiivt a steierlecht Ëmfeld verloossen. Hei heescht et och d'Konkurrenz an hire Spillregelen ze garantéieren. Och alles dat sinn Aufgaben, déi nëmmen de Stat ka maachen, mä déi virun allem natierlech op enger legislativer Basis foussen.

Partenaire vun onser Ekonomie ze si bedeit awer och dofir ze suergen, de Service universel an deenen elementare Beräicher garantéiert ass. An dat wëllt heeschen, datt all déi noutwendeg Déngschtleeschtungen an Approvisionnementer, wéi an der Energie, den Telekommunikatiounen, dem Transport oder soss Infrastrukturen, um ganzen Territoire zu abordable Präisser an a konstanter Qualitéit offréiert ginn.

Dëst ka geschéien andeem de Stat selwer dës Déngschtleeschtungen offréiert oder awer iwwert eng Konventioun, en Accord mat engem oder méi Prestatairen, wou en deenen dann Oplage mécht, fir fir dës Servicer ze suergen.

Ganz gewëss bréngt déi europäesch Evolutioun mat sech, datt an dësen Domäner eben net méi kann an net méi dierf vu Monopole vu State geschwat ginn. Dat heescht awer net, an dat preziséieren ech, datt hei Profit elo eleng ausschlaggebend soll sinn, mä dat heescht, datt de Stat dofir muss suergen, datt déi Servicer op eng permanent Aart a Weis flächendeckend ugebuede ginn, op eng abordabel Manéier definéiert an duerch Qualitéitsstandarden garantéiert sinn.

An ech kann dem Här Huss nëmmen nach eng Kéier soen, et ass zwar schonn x-mol wou ech et gesot hunn, dofir soen ech et net méi am Detail, mä Dir wësst et awer, OMC-Diskussiounen hin oder hier, an ob ech Iech iwwerzeegt hunn oder net, mä bei der Educatioun, dem Waasser an och bei der Santé kënnt et net a Fro, datt de Stat op seng Missioun vu Service public géing verzichten. Dat hu mer an allen Institutiounen, wou mir eis konnten zu Wuert mellen, kloer gesot an dat wäerte mer, souwäit ech kann een Engagement huelen, och nach maachen.

***(Interruption)***

Dir äntwert mat: „Die Botschaft hör ich wohl", awer Dir gleeft net, datt mer et duerchkréien. Ech kann Iech nëmme soen, datt ech net dem Rescht vun der Welt de Krich kann erklären, datt mat alle Moyenen, déi mir hunn, mir hei zu Lëtzebuerg ëmmer wäerten dofir suergen, dat heescht esou laang ech ka Responsabilitéit droen, datt déi do Domäner ëmmer vun der Iddi vum Service universel geleet ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass de Mëtte vu Verschiddenen zu Recht drop higewise ginn, datt een déi heiten Diskussiounen am Fong net ka maachen ouni och iwwert d'Kompetenzopdeelung tëschent Gemeng a Stat ze schwätzen, esou wéi dat tëschent der Europäescher Unioun an dem Stat gemaach ginn ass. Déi Diskussioun ass hei gefouert gi viru Wochen. Ech kommen net méi dorop zréck, mä ech wollt awer just nach eng Kéier drun erënneren. Wat ons Missiounen ubelaangt, do si mer eis relativ schnell eens ginn an et war och hei an der Diskussioun ganz kloer, déi hunn an dësem Land ni zu ideologeschen Ausernanersetzunge gefouert, mä sinn op eng pragmatesch Aart a Weis geléist ginn.

An da komme mer zu deem Volet, deen effektiv Klorheet braucht,

oder méi Klorheet, dat ass deen: Op wéi eng Aart a Weis wëllt de Stat déi verschidde Servicer organiséieren? Dat heescht e muss op d'Fro äntwerten: Maachen ech et selwer oder loossen ech et maachen? Et gi verschidde Gestiounsformen, ech kommen dorop zréck, mä am Fong, an dat schéngt mer extrem wichteg, wann ee sech d'Fro stellt: Maachen oder maache loossen, muss een sech fir d'alleréischt d'Fro stellen: Kann de Stat déi do Aktivitéit net selwer maachen oder musse mer wierklech op ee vu baussen zréckgräifen?

A wann een déi dote Fro stellt, da stellt een onweigerlech och d'Fro, wat ee sech dann erwaart, wann een zum Beispill en Etablissement public mécht fir e gewëssene Service unzebidden. A wann een dës Fro stellt kommen an all deenen Etüden, déi mer virleien hunn, ëmmer nees zwee Wierder erëm, dat ass dat vun der Flexibilitéit an dat vun der Souplesse an der finanzieller Gestioun an och beim Recrutement. An ech wëll ganz kloer hei soen, datt mir do musse mat eis selwer zu Kouer goen a versiche just op deenen do zwee Punkten, Gestion administrative a Recrutement, eis froen, ob mir net ganz einfach fir d'éischt an deene klasseschen Statsstrukture missten innovéieren.

Ech huelen zum Beispill de finanzielle Volet. Mir mussen einfach de Courage hu fir zesummen ze kucken, well mir hunn déi Gesetzer zesumme gestëmmt, ob een net vläicht dat eent oder anert misst iwwerdenken, ob zum Beispill de Contrôle financier net onnéideg vill de Fonctionnement vun de Statsbetriber schwéierfälleg mécht an domadder den Trend fir Aktivitéiten auszelagere favoriséiert. Déi Fro musse mer eis ënner eis ganz roueg stellen, well et ass jo awer net unzehuelen, datt een do, wou ee sech selwer Schwieregkeete mécht, dann déi nämlecht Leit hëlt a mat deem nämlechten öffentleche Geld Aktivitéiten niewendru favoriséiert, wou de Contrôle dann net esou staark soll sinn. Ech mengen, et misst een do ufänken, wou deen éischte Problem opgetaucht ass. Ech ginn hei keng fäerdeg Äntwerten, ech stelle just d'Fro.

Deen zweete Punkt ass dee vum Recrutement. Effektiv, wann een un déi laangwiereg Prozedure vum Numerus clausus denkt, da muss een och kucken, ob net dat do den Ulass ass fir op anere Weeër laanscht eng noutwendeg, an dat ënnersträichen ech, Personalprogrammatioun ze kommen. Dat sinn alles Froen, déi ee sech och muss stellen, wann een de Choix muss maachen, maache mer et selwer oder gi mer op en Etablissement public. Mir mussen also Suerg droen, datt déi do zwee Kritären eleng net ausschlaggebend si fir Aktivitéiten, déi de Stat selwer kënnt maachen, auszelageren, well wann dat déi eenzeg wieren, da misste mer fir d'éischt bei eis ufänken, fir den normale Statsbetrib méi flexibel ze organiséieren, ouni datt dat awer manner Kontroll heescht.

An e gudden Usaz gëtt et scho bei vereinfachte Verwaltungsprozeduren. Et ass duerch d'Kontabilitéitsgesetz vun 1999 de Modell vun dem Service „gestion séparée" agefouert ginn. Dëse Modell schéngt doduerch interessant ze sinn, well en innerhalb vun enger bestehender staatlecher Struktur, Verwaltung oder Service, a puncto Dotation financière an a puncto Finanzgestioun, eng gréisser Flexibilitéit erméiglecht. De Moment si mer nach um Niveau vun de Projets pilote, mä deen een oder anere Lycée profitéiert elo scho vun där Gestioun, an et gëtt studéiert, ob deen heitege Modell net och fir aner Statsbetriber kënnt gëllen, wéi zum Beispill kulturell Instituter, Muséeën oder nach anerer, ier een op de Wee vun engem Etablissement public geet.

Wat sinn also elo déi verschidde Moyenen, déi de Stat huet, wann en de Choix opgrond vun enger Rei vu Kritäre gemaach huet, fir déi Missioun net selwer ze maachen, mä fir se maachen ze loossen. Et gëtt d'Manéier vun den Etablissements publics. Et gëtt de Modell vun de Privatgestiounen an et gëtt ebe leschten Enns och dee sou genannte Secteur conventionné. Wat dësen ubelaangt, schafft en Aarbechtsgrupp dru fir dës Aktivitéiten eng Kéier méi am Detail ze ënnersichen a fir eben och eraus ze fannen, wat fir eng vun dësen Aktivitéite wierklech am konventionéierte Secteur solle bleiwen, musse bleiwen oder wat vläicht kënnt zréck bei de Stat kommen. Et geet hei ganz einfach ëm d'Effikassitéit vun de Servicer, déi mir dem Bierger sollen ubidden.

Mä generell gesinn, an dat wëll ech awer grad esou kloer soen, sinn ech der Meenung, datt de konventionéierte Secteur eng wichteg Roll ze spillen huet am sanitären, sozialen, socio-éducativen oder och am kulturelle Beräich, an d'Zréckgräifen op A.s.b.l.en huet ganz sécher Virdeeler, well se eben eng séier Äntwert op nei Besoinë vun de Leit méiglech maachen a gläichzäiteg Privatinitiativen an de Bénévolat favoriséieren, wat an all demokratescher Gesellschaft wichteg ass. Mä de Stat muss awer oppassen, datt déi offréiert Leeschtunge gewëssene Qualitéitsnormen entspriechen, an datt am Recrutement an an de Paië fir kloer Regele gesuergt gëtt.

Wann et elo ëm déi méi wirtschaftlech orientéiert öffentlech Servicer geet, da soll de Stat - an och dat hunn ech de Mëtten eraushéieren aus allen Interventiounen - och kënnen op Strukturen zréckgräifen, déi dëse Servicer et eben erlabe méi kompetitiv ze schaffen, dat heescht et hinnen ze erlabe mat de Privatentreprisen a Compétitioun ze sinn oder eben och complémentaire ze sinn. De Stat kann dat maachen a Form vun engem Groupement d'intérêt économique, oder och vun enger Société anonyme. Déi Domäner, déi hei besonnesch a Fro kommen, a Beispiller sinn de Mëtten zur Genüge zitéiert ginn, sinn déi vum Transportwiesen, déi vun der Post an eben och vun der Energie.

Mä komme mer op dee Modell, dee virun allem an der Diskussioun ass, dee vun den Etablissements publics, vun deenen an de leschte Wochen effektiv an dësem Haus jo vill geschwat ginn ass. D'Etüd vu Maastricht ass ganz interessant, a mengen Aen op alle Fall, an ech hoffen och a ville vun deenen, déi hei intervenéiert sinn, well si weist ganz kloer op wéi eng Kritären ee sech soll an der Zukunft beruffen. An ier ech definitiv Propositiounen der Regierung virleeën, esou wéi ech virdrun hei dat Engagement geholl hunn, wëll ech awer d'Schlussfolgerunge vun deem Aarbechtsgrupp ofwaarden, dee vun der Regierung agesat ginn ass, deen opgrond vun deene Propositioune vum Maastrichter Institut de Moment nach amgaang ass ze schaffen, awer d'Etüd vun dem konventionéierte Secteur muss doran och hiren Afloss hunn.

Ech kann lech awer elo scho soen, an Dir wësst et, datt déi ablécklech Situatioun an dësem Secteur extrem heterogen ass. Mir hunn déck an déi 50 Etablissements publics, déi sech a ganz villen an a ganz verschiddenaartegen Domäner erëmfannen, vun der Santé iwwert d'Kultur, d'Wirtschaft an d'Finanzen, a ganz besonnesch d'Kontrollfunktiounen, d'Direktiounsorganer, de Statut vum Personal, fir nëmmen déi ze nennen, déi wierklech net harmoniséiert sinn. Et fënnt een do déi gréisste Vielfalt vu Méiglechkeeten.

Selbstverständlech wäert och an Zukunft d'Formel vum Etablissement public fir eng gréisser Souplesse an der Gestioun an eng gréisser Autonomie suergen, mä et muss awer séchergestallt ginn, datt de Stat hei seng Kontroll driwwer behält a seng Verantwortung net verwässert gëtt. Ech sinn dofir och der Meenung, datt et drëm geet op d'mannst fir d'Zukunft eng gréisser Uerdnung an dëse Gestiounsmodus eranzebréngen, an dofir wëll ech och nom Ofschloss vun den Aarbechten am Groupe de travail der Regierung virschloen am Kader vu Lignes de conduite, Här Krecké, net am Kader vun enger Loi-cadre, mä am Kader vu Lignes de conduite fir d'Zukunft kloer a prezis Richtlinnen opzestellen, mat grad esou prezise Parameteren unhand vun deenen da bei all konkretem Fall nozeweisen ass, ob deen nei geplangten Etablissement public dann elo och wierklech dee Plus erbréngt par rapport zu engem öffentleche Service.

Ech mengen, Här President, och opgrond vun deenen Aarbechten, déi bis elo gemaach gi sinn an deem Groupe de travail, kann een elo scho gesinn, datt ee mat dräi verschiddenen Zorte vun Etablissements publics wäert ze di kréien, déi ebe ganz einfach och der Realitéit an de Besoinë vun deem Secteur entspriechen. Do wäert een engersäits Etablissements publics à caractère administratif erëmfannen, dernieft Etablissements publics à caractère industriel et commercial, an dann iergendwéi an der Mëtt zwëschent deenen zwou Kategorien, déi Etablissementer, déi méi um wëssentschaftlechen, kulturellen a sozialen Domän unzesidele sinn.

De Régime juridique an deenen dräi Kategorië muss vun Ufank u ganz kloer definéiert sinn. En öffentlech-rechtlechen, menger Meenung no, fir déi éischt Kategorie mat engem Statut fir d'Personal, deen och en öffentlech-rechtlechen ass a selbstverständlech awer e privatrechtleche Regime fir déi aner, mat der Méiglechkeet awer och Leit ënnert dem Statut vun dem Public anzestellen. Et muss also am Ufank kloer sinn a wéi enger Kategorie Etablissement public mer eis befannen.

Ech si weider der Meenung, datt d'Regierung an der Organisatioun an am Fonctionnement vun allen Etablissements publics misst eng Rei vun eenheetleche Regele festhalen. Dat betrëfft d'Nominatioun an d'Compositioun vun deene Führungsgremië grad esou wéi d'Finanz-, d'Administrativ- an d'Gestiounskontrollen.

Konkret wäert ech a menge Propositiounen un d'Regierung plädéiere fir an d'Richtung ze goe fir folgend Detailer ze regelen

Éischtens sollen an Zukunft all Etablissements publics der Kontroll vun der Cour des Comptes ënnerbreet ginn.

Zweetens misst awer och d'Kontroll vun engem externe Konteréviseur bei hinnen alleguer derbäikommen, well d'Cour des Comptes an de Réviseur hu ganz einfach aner Missiounen.

Drëttens musse verschidden Décisiounen an Zukunft entweder duerch de Ressortsminister oder och duerch d'ganz Regierung approuvéiert ginn, an dorënner verstinn ech déi allgemeng Politik vum Etablissement, d'Approbatioun vum Budget, d'Approbatioun vun de Konten, all Investitiounsprogrammer, d'Emprunten, d'Engagement an de Licenciement vun den Direkteren, déi, wann et mir no geet, op Zäit solle genannt ginn, well wa mer dat bei de Responsabilitéitsposten an der Fonction publique aféieren, gesinn ech net, firwat net datselwecht soll fir d'Etablissements publics gëllen an och d'Grille vun den Emploien an de Gehälter.

Véiertens e Punkt, deen extrem wichteg ass, besonnesch fir d'Kontroll kënnen ze organiséieren op eng effikass Aart a Weis, dat si kloer budgetär a kontabel Regelen, déi virzegesi si mat engem Haushaltsplang, dee ganz kloer d'Klassifikatiounen an Affectatioune vun Einnahmen an Ausgabe virgesäit, dat heescht, et geet hei drëm eng homogen Kontabilitéit bei deenen Organer, déi ech virdru genannt hunn, anzeféieren, déi herno och méi liicht ze kontrolléieren ass.

Leschten Enns kann een och denken u sou genannte standardiséiert Reportingen, den Här Bausch huet deen Terme gebraucht, deen an enger Etüd steet, de Contrôle de performance, mä ech si mer awer bewosst, datt mer hei wäerten nach eng Rei Prezisioune brauchen an och Diskussioune féiere sollen.

Ech wëll zum Ofschloss vu mengen Ausféierungen nach eng Remarque maachen a mech ausdrécklech dofir ausschwätzen an d'accord si mat deene Konklusiounen, déi am Rapport vun deenen zwee franséischen Expäre virgesi sinn, wa si plädéiere fir d'Aféierung vun enger sou genannter Ethik vun dem allgemengen Interesse.

Trotz verschiddenen Déngschtleeschtungen, Techniken oder och nach Regimer, mussen an dëser Ethik, der Ethik vum allgemengen Interesse, déi ebe verschidden ass par rapport zum Privatsecteur, eng Rei vu grousse gemeinsame Prinzipien erëmzefanne sinn, déi alleguer zum Fonctionnement vun den öffentleche Servicer och an der Zukunft wäerte gehéieren. Dat ass un éischter Stell de Prinzip vun der Kontinuitéit vum Service, dat ass och de Principe d'égalité, Egalité d'accès an Egalité de traitement fir all Bierger, an dat ass de Prinzip vun der Neutralitéit fir d'Gestionnairen an dat ass leschtendlech dee vun der sou genannter Adaptabilitéit, dat heescht, datt d'Organisatioun vum Service all Moment kann a muss un nei Besoinen ugepasst ginn.

An egal wat fir Reforme mer wäerten a musse maachen, a wat fir nei Weeër mer leschten Enns aschloen, zu wat fir engem Statsverständnis mer eis bekennen a wéi mer schliesslech eis öffentlech Servicer wäerten upassen, déi Prinzipien do schénge mir op alle Fall unantastbar an och an deenen nächste Joren net a Fro ze stelle sinn.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Statssekretär vun der Fonction publique, den Här Jos Schaack.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun iwwert d'Services publics ass eng schwiereg Diskussioun.

Plusieurs voix.- Dat hu mer gemierkt.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Dat huet d'Interpellatioun vum Här Jeannot Krecké bewisen.

Hien ass ähnlech wéi am Pabeier vum Cercle Paul Wilwertz vun Hopges op Hapges gesprongen an ech sinn him emol net béis dofir, soen him awer, dass ech mech an där gutt strukturéierter Etüd iwwert de Rôle de l'Eat vun deenen zwee franséische Professere besser erëmfannen an ech hunn iwwregens och gelies, Här Krecké, dass Dir och do matgehollef hutt. Dofir verstinn ech am Fong net, dass Der dat esou staark kritiséiert hutt.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Et kann een dach kritiséieren.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Et kann ee selbstverständlech ëmmer alles kritiséieren, mä wann ech am Fong dem Här Krecké haut de Mëtteg gutt nogelauschtert hunn, da ginn ech iergendwéi d'Impressioun net lass, dass hie sech haut selwer interpelléiert huet, interpelléiert iwwert dat wat d'LSAP während deene 15 Joer, wou se d'affilée an der Regierung war, ënnerlooss hat.

***(Interruption)***

Et waren dat déi 15 Joer vun hire verpasste Geleeënheeten.

***(Interruptions diverses)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si wéi d'Madame Polfer och dovun iwwerzeegt, datt et am Kader vun deene ganzen Diskussioune vun haut iwwert d'Entwécklung an d'Upassung vun eisen öffentleche Servicer och ëm eng verbessert Qualitéit vun alle staatlechen Déngschtleeschtunge geet.

D'Verwaltungsreform an d'Verwaltungsmoderniséierung goufen ugesprach an Dir erlaabt mer hei ganz konkret ze ginn.

Ech zitéieren nach eng Kéier d'Regierungserklärung vun 1999: «Dans un souci de continuer l'évolution de l'Etat vers plus de flexibilité, de transparence et d'efficacité, le Gouvernement donnera à la réforme administrative un nouvel élan sur la base de structures actuellement en place.»

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei ganz kloer deklaréieren, datt dësen neien Elan stattfonnt huet, an datt de Bilan bis haut, souwuel am Kader vun eGovernment-Projeten, wéi och an deem méi traditionelle Programm vun deem wat mer ënner Verwaltungsreform verstinn, sech weise léisst an ech wäert lech dat och beweisen.

Ech kommen allerdéngs net derlaanscht, well jo alles eng Kéier en Ufank huet, ganz kuerz op d'Antécédentë virum 7. August 1999 zréckzekommen. D'Verwaltungsreform ass erëm frësch entdeckt ginn, ass frësch entdeckt ginn am Ufank vum Joer 1994, dat heescht kuerz virun de Wahlen. A kuerz virun de Wahlen huet den deemolege Minister am Conseil de Gouvernement den 11. Februar…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dat war kee vum ADR, dat war kee vun deene Gréngen an dat war och kee vun der LSAP, dat war ee vum Här Weiler senger Partei.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Här President, däerf ech lech eng Fro stellen? Hat ech den Här Krecké ënnerbrach, wéi hie geschwat huet?

M. le Président.- Ech géing déi Hären also bieden dem Statssekretär nozelauschteren. Den Här Interpellant Krecké huet souwisou dat lescht Wuert. Hie kann als Interpellant herno nach eng Kéier d'Wuert froen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Här President, ech hu kee Wuert gesot.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech war et, entschëllegt. Et war net den Här Krecké. Ech entschëllege mech formell bei lech, Här President.

M. le Président.- Also, wéi gesot, den Här Krecké kritt als leschten d'Wuert an dann huet hie jo d'Méiglechkeet dat ze soe wat hie soe wëllt.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Also wat ech wollt soen, den 11. Februar 1994 stoung um Ordre du jour vum Conseil de Gouvernement e Plan d'action, dee sech mat dem Image de marque vun der Fonction publique beschäftegt huet. Deen Dossier ass awer net evakuéiert ginn, mä ass reportéiert ginn op de 25. Februar. Tatsaach ass, dass duerno ni méi iwwert dee Plan d'action geschwat ginn ass. Ganz

kuerz virum Enn vun der Legislaturperiod huet deemools de Minister…

***(Interruptions diverses)***

…eng Fro gestallt, wou hie seet: „Mä kann emol vläicht ee mer explizéiere wéi dat gaangen ass, dass do näischt geschitt ass?“ An d'Äntwert, déi war prompt. Den Datum war relativ schlecht choiséiert fir kuerz virun der Wahlperiod nach iergendwéi eng Verwaltungsreform ze maachen. Ausserdeem waren zu deem Zäitpunkt d'Syndikater net ugehéiert ginn an et war och esou, dass an deem Pabeier…

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Also, Här President, vu datt der Regierung hir Zäit scho praktesch ofgelaf ass an ech net gesi wat dat do mat der Interpellatioun vum Här Krecké ze dinn huet, wier ech frou wa mer eppes géifen dozou héieren, mä wat an deenen zwou leschte Legislaturperiode geschitt ass, ass net terribel pertinent am Kader vun der Interpellatioun vum Här Krecké.

***(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)***

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Et ass zwar wichteg, dass een och vun deene Saache schwätzt, déi an der Vergaangenheet waren, well Dir wësst, dass et wierklech net einfach ass eng Reform an d'Wee ze leeden. Et ass also konkret, fir et kuerz ze maachen, an deenen zwou Legislaturperiode virdrun net allze vill passéiert.

***(Interruptions diverses)***

Näischt Konkretes ass um Terrain passéiert. Jiddfereen, Här President, heibanne weess, dass d'Verwaltungsreform e kontinuéierleche Prozess ass. Vun engem franséische Politiker gouf d'Réforme administrative folgendermoosse beschriwwen: «La Réforme administrative est une politique qui transforme dans la durée et non pas dans l'instant.»

D'Schwieregkeete bestinn doranner, dass mer et mat 19 Ministèren ze dinn hunn, déi alleguer hir Spezifissitéit hunn, méi oder wéineger 200 Verwaltungen oder Services publics, wou all eenzel Verwaltung och hir Spezifissitéit huet, an dass plus ou moins 18.000 Employéen a Fonctionnairen déi Reform mussen ëmsetzen.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Här Schaack, Dir sidd op der Linn vum Här Krieps Alexandre.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- De Ministère vun der Fonction publique huet fir d'Reformen ze imposéieren absolut kee Pouvoir coexécutif a seng Roll limitéiert sech dorobber Koordinateur a Promoteur ze spillen. Do derniewent gëtt et néierens eng global a kohärent Reformtheorie, déi d'Changementer innerhalb vun der Gesellschaft berücksichtegt, déi previsibel an onprevisibel Changementer am Beräich vun deenen neien Technologië ka mat abezéien, déi de Changementer, déi sech aus enger Redefinitioun vum Rôle de l'Etat erginn, Rechnung dréit.

Dës Regierung huet opgrond vun deenen Erfahrungen aus deenen zwou leschte Legislaturperioden eng pragmatesch Approche gewielt fir un d'Réforme administrative erunzegoen, eng Approche, déi den Erwaardungen a virun allem de Besoinë vun de Bierger an den Entreprisen entsprécht.

Mir hunn e Bilan vun de Forcen an vun de Faiblessë vun der Verwaltung gemaach, doduerch dass mer d'Forces vives vun der Natioun consultéiert hunn. Mir hunn e Recensement gemaach bei den Entreprisen a mir hunn och e Sondage téléphonique gemaach bei de Bierger.

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Här Krecké, ech sinn net deen Eenzegen, deen u Sondagë gleeft. Ech hunn déi leschte Kéier och gelies, et gëtt nach aner Leit déi dorunner gleewen. A wann déi heite Sondagë stëmmen, wann Är Sondagë stëmmen, da stëmmen déi heite mat Sécherheet.

Et steet also fest, dass d'Image de marque vun eiser Verwaltung bei de Leit hei zu Lëtzebuerg gutt, souzesoen intakt ass. All déi Leit, déi zu Wuert koumen, hunn eng staark Zoustëmmung bruecht. De Sérieux mat där d'Verwaltung hir Aarbecht mécht, d'Vertrauen dat hir entgéintbruecht gëtt an d'Qualitéit vun hirer Aarbecht sinn déi dräi wesentlech Elementer an dëser breeder Zoustëmmung.

Ech wëll awer och déi puer méi sensibel Punkten aus dem Sondage net ënnert den Dësch kieren, well mer just dës Punkte prioritär an onsen Aktiounsprogramm mat agebaut hunn. Dat ass d'Tatsaach, dass d'Verständnis vun eise Verwaltungstexter schwiereg ass, …

***(Interruptions)***

…dat ass awer och, datt ee mat engem besseren Télefonsaccueil a mat dem elektronesche Courrier besser a Kontakt mat der Verwaltung misst kommen, an dat ass leschtlech, dass d'Öffnungszäiten a verschiddene Beräicher misste méi flexibel gestalt ginn, fir de Liewensgewunnechte vun de Leit besser Rechnung droen ze kënnen. Bleift nach ze soen, fir komplett ze sinn, datt déi franséisch Sprooch als déi geschriwwe Sprooch vun der Verwaltung bei 55% vun de Bierger, och bei deenen auslännesche Matbierger, esou guttgeheescht gëtt, an datt déi däitsch Sprooch vun eenzelne Lëtzebuerger gefrot gëtt, an datt déi lëtzebuergesch Sprooch als geschriwwe Verwaltungssprooch net erwënscht ass.

Eise ganze Plan d'action wéi iwwregens och all eenzelne Projet sinn enger ganzer Rei vu Kritären ënnerworf, vun deenen ass bestëmmt ee vun deene wichtegsten, eng Äntwert op d'Besoinen ze ginn. D'Objektiver si verschidde vu Projet zu Projet, hir Envergure an hire kuerz- oder laangfristegen Impakt och. Selbstverständlech geet et net ouni Hëllef vun Expären, déi vu bausse mat eragezu ginn, an och net ouni déi nei Technologien.

Fir elo all déi Mesuren a Projeten opzezielen, dat géif zevill wäit féieren. Eng ganz Rei dovunner kennt Der iwwregens schonn, well se am Kader vum neie Statut schonn hei diskutéiert goufen. Déi zwou Etüde vun deenen haut hei Rieds wor, iwwert d'Etablissements publics an de Rôle de l'Etat, gehéieren och dozou. Grad eweí den Numéro vert, de Forum de qualité, d'Autoévaluation an eng ganz Rei vu Projeten, déi engagéiert, awer nach net ofgeschloss sinn: D'Reform vun den Öffnungszäite vun de Büroen, d'Schafe vu Biergerbüroen, d'Vereinfachung vu Formulairen an esou weider.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat wesentlechst Element fir de Moderniséierungsprozess vun der Verwaltung virunzedreiwen, ass de verstäerkten Asaz vun deenen neien Technologien. Ech wëllt beim Ufank emol direkt drun erënneren, dass an der Period vun 1989 bis 1999 deen deemolege Ministère des Communications am Kompetenzberäich vun deene sozialistesche Ministere war. Et wor also ganz kloer déi sozialistesch Aarbechterpartei, déi an all dëse Joren d'Verantwortung fir déi nei Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologië beim Stat hat.

D'Regierungserklärung vum 22. Juli '94 hat dem Ministère des Communications op deem Punkt eng ganz kloer Missioun mat op de Wee ginn. Ech zitéieren: «Pour mettre à même le Centre informatique de l'Etat de rester à la hauteur des tâches que le législateur lui a assignées, ses missions seront précisées ou redéfinies à la lumière de la l'informatisation accélérée des services de l'Etat. Une structure sera mise en place à un niveau élevé ayant pour mission d'un côté d'établir le besoin en informatisation des services publics et de l'autre de contribuer à responsabiliser les services de l'Etat pour leur propre réorganisation et informatisation dans le cadre d'un schéma directeur à proposer par le Centre informatique de l'Etat.»

Ech wëllt weider drun erënneren, datt ënnert där viregter Regierung dee sou genannte Comité Info 2000 dem Ministère des Communications e Rapport iwwert de Rôle de l'Etat dans la société de l'information am November 1996 presentéiert hat. An dësem Rapport war ënner anerem och ganz vill Rieds vun deenen neien Technologien am interne Fonctionnement vun der öffentlecher Verwaltung, mat konkrete Propositioune fir hir Déngschter ze vereinfachen an ze verbesseren.

An ech muss Iech dann derbäi soen, datt déi ablécklech Regierung Enn 1999 leider an dësem Beräich e Constat d'échec fir déi ganz Zäit viru '94 bis '99 ënnert der Verantwortung vun engem LSAP-Minister huet misse feststellen.

Et gouf konkret keng Iwwerleeung opgestallt fir noutwendeg Strukture vu Koordinatioun, Planifikatioun an Erneierung an d'Wee ze leeden. Kee globale Schéma directeur ass zréckbehale ginn, wéineg Recommandatioune vum Comité Info 2000 goufen an d'Praxis ëmgesat.

Ech hunn also am Ufank vun dëser Legislaturperiod an dësem Haus eng Situatioun virfonnt, déi ee ganz kloer kann als Erblast bezeechnen. D'LSAP huet während zéng Joer, an dat ass eng laang Zäit, keng Visioun, keng Strategie a keng Konzepter entwéckelt fir d'Informatisatioun vun der Verwaltung weiderzedreiwen. Dat alles huet eréischt missen am Joer 2000 entworf ginn an ausgeschafft ginn. Do derniewent si besonnesch am Beräich vun den Infrastrukture grave Feeler geschitt. Wat d'Sécuritéit vun deenen techneschen Installatioune vum Centre informatique ugeet, hunn ech eng Situatioun virfonnt, déi een als katastrophal ka bezeechnen.

Une voix.- Abee jo.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Éischtens hat de Centre informatique ier dës Regierung mat hiren Aarbechten ugefaangen huet, kee Centre de secours. Ech zitéieren aus enger Note vum Centre informatique de l'Etat: «En cas de sinistre majeur affectant le site central, l'Etat sera privé de services informatiques pour une période indéfinie et de services réseau pendant des semaines. En effet, le Centre informatique ne dispose pas d'un site de secours permettant de reprendre ses activités même en régime réduit dans des délais raisonnables.» An da geet et virun: «Afin de diminuer les risques de sécurité à un minimum acceptable, le Centre informatique de l'Etat doit pouvoir disposer comme tous les services informatiques de la place, d'un site de secours suffisamment grand et situé à une distance raisonnable du site actuel.» Haut verfügt de Centre informatique de l'Etat iwwert e Centre de secours.

Une voix.- Très bien!

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Zweetens war de Réseau vum Stat net sécher genuch, fir d'Ecoute op deene gelounte Lignes de communication ze ënnerbannen. Och dat si mer amgaang ze verbesseren. Ausserdeem hu mer d'Verwaltunge mat engem System Typ Firewall équipéiert, fir esou den Accès zu allen öffentlechen Institutiounen ze sécheren.

Drëttens, wat de Parc micro-informatique ubelaangt, ech mengen domadder d'Acquisitioun vum Material a vum Logiciel informatique et bureautique, esou sinn hei déi finanziell Moyenen, déi zur Verfügung gestallt ginn, substanziell an d'Luucht gaangen. Am Joer 1994 hate mer Kreditter vu 5.850.000 Euro, am Joer '99 hu mer Kreditter vun 8.796.000 Euro, dat ass eng Augmentatioun vun 49% par rapport zu '94. Am Joer 2003 hu mer Kreditter vun 18.000.000 Euro, dat ass eng Augmentatioun vun 208% par rapport zu 1994.

Véiertens hu mir en Helpdesk agefouert, dee bis 1999 inexistent war.

Fënneftens hu mir d'Personal opgestockt, fir dass de Centre informatique senge mannigfaltegen Aufgabe kann op eng effikass Manéier gerecht ginn. Wann d'Personal an de Joren 1990 bis 1999 nëmmen ëm 25 Unitéiten eropgesat gouf, esou ass et an de Joren 2000 bis 2003 eleng ëm 27 Unitéite verstäerkt ginn.

Sechstens gëtt d'Formatioun vum Personal mat System gefördert a läit net brooch, wéi an deene Jore virun 1999. An hei wëll ech wierklech och soen, dass d'Statsbeamteschaft sech op deem doten Niveau staark engagéiert an deene Coursen, dat si sou genannte Cours de formation an och de recyclage. Mir hunn an deene leschte Jore méi wéi 5.000 Leit weider formëiert an et sinn der nach dausend, déi an der File d'attente sti fir déi Coursen, fir sech och weider ze formëieren.

All dat, Dir Dammen an Dir Hären, huet dozou gefouert, dass dee sou genannten Aarbechtsgrupp eGovernment eréischt konnt am Laf vum Joer agesat ginn. Éischt Elementer vun engem Konzept a senger Strategie konnten eréischt den 23. November 2000 de Ministèren a Verwaltunge bekannt gemaach ginn. Ech muss dobäi soen, dass d'Koordinatioun vun den Aarbechten, zu deenen och eEconomie, eEducation, eRégulation, eCulture an eSocial gehéieren, vum CNSI assuréiert ginn, der Commission nationale pour la Société de l'information. Awer eGovernment huet zënterhier e ganz ambitiéise Programm, an och d'Entwécklung vun dësem Programm ass Schrëtt fir Schrëtt op der Website www.eletzebuerg.lu nozevollzéien.

Meng Servicer hunn op dësem Plang eng Missioun vu Promotioun a Koordinatioun, si beroden déi eenzel Verwaltungen, wann et ëm nei Projete geet, och wann dës Verwaltunge fir d'Realisatioun vum Projet d'Responsabilitéit mussen iwwerhuelen. Déi technesch Assistenz liwweren engersäits de Centre informatique de l'Etat an anersäits d'Task-force eLëtzebuerg vun der CNSI, déi mat hiren Aarbechten offiziell am Januar 2002 ugefaangen huet.

Personal a finanziell Mëttele goufen eLëtzebuerg an eGovernment am strikte Respekt vun deene bestoende Budgets- a Recrutementsprozeduren zur Verfügung gestallt. Ech muss dobäi soen, datt och all Projeten sech de gesetzleche Prozeduren a punkto Statskontabilitéit a Statsmarchéen ugepasst hunn. No enger Publikatioun am Journal officiel vun de Communautéen de 4. August 2001 hat zënter Mëtt November 2001 bis Mëtt 2002 en externe Consultant en Audit informatique am Kader vun der Statsverwaltung gemaach. Den Zweck vun dësem Audit war esou formuléiert: «Définir l'organisation future de l'informatique dans le secteur public répondant aux besoins des bénéficiaires, garantissant des niveaux de qualité et de sécurité adéquats, disposant de moyens de coordination et de planification et de révision appropriés.»

Ech sinn nämlech der Meenung, Dir Dammen an Dir Hären, datt mer onbedéngt mussen op e koordinéierten a rationelle Gebrauch vun eisen informatesche Ressourcë kënnen zréckgräifen, fir d'elektronesch Verwaltung optimal opzebauen. Dozou gehéieren awer och eng Rei vu Moossnamen, Reformprojeten a Vereinfachungen an de Verwaltungsprozeduren, zesumme mat enger besserer Gestioun vun de staatleche Finanzmëttelen, dat alles am Kader vun der Verwaltungsreform.

Dat eent schéngt mer kloer. eGovernment, dat ass net nëmmen Internet, net nëmmen Informatiséierung vun deene bestoende Prozeduren, eGovernment, dat ass méi. Dat ass d'Entwécklung vun enger ganzer Rei vun elektronesche Servicer fir d'Bierger, d'Entreprisen an d'Associatiounen. eGovernment muss et fir si méiglech maachen sech an Zukunft net méi brauchen a priori d'Fro ze stelle wéi de Stat a seng Servicer organiséiert sinn, mä sech einfach nëmme méi un hire Bedürfnisser ze orientéieren, egal op wat fir enger Plaz an zu wat fir enger Stonn si e Service beanspruchen.

Eng einfach Carte d'identité électronique muss hinnen den Zougank zu Informatiounen erlaben. Et schéngt mer weider zum Schluss wichteg ze sinn ervirzesträichen, datt all Projeten am Kader vun eGovernment sech net drop kënne beschränken, einfach informatescht Material ze kafen, Logiciellen zur Verfügung ze stellen oder nach déi sou genannte „Best Practices“ aus dem Ausland oder aus dem Privatsecteur einfach hin ze iwwerhuelen.

eGovernment, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass de Wëlle vun der Regierung, dëse formidablen Challenge am Ufank vun dësem drëtte Jordausend opzegräifen, all Problemer um Wee dohinner ze léisen, all Obstaclen ze iwwerwannen, ob se elo kultureller, wirtschaftlecher, funktioneller, organisatorescher oder technescher Natur sinn. Nëmmen op déi dote Manéier schéngt et mer méiglech ze sinn, an der Verwaltung selwer, awer och fir all déi, déi se ausserhalb vun der Verwaltung wëlle gebrauchen, déi Informatiounsgesellschaft opzebauen, déi mer eis fir déi nächst Jore wënschen a virstellen.

Dofir hu mer eng Unité opérationnelle permanente op d'Bee gesat, déi zesumme mam Centre informatique de l'Etat d'Strategie beim Stat definéiert an ëmsetzt.

Konkret hu mer am Beräich vun eGovernment méi wéi 50 Projete lafen, vun deenen der néng de Ministère de la Fonction publique als Maître d'ouvrage hunn. Dir fannt, wéi gesot, den Detail vun deene Projeten - ech erspueren Iech et fir se hei eenzel opzezielen - um Site Internet www.eletzebuerg.lu.

Wann een dat alles gesäit am Fong, wat an dëser Legislaturperiod bis elo um Niveau vun der Verwaltungsreform geleescht ginn ass, da kann ee jo och nach verstoen, dass eng Oppositiounspartei eng Interpellatioun iwwert de Service public mécht, well de Service public ass eppes immens Wichteges. De Service public ass eppes wat terribel évoluéiert. Ech hu mer allerdéngs, nodeem ech mer ëmmer déi Kriticken hu missen unhéiere vun eise sozialistesche Frënn, natierlech d'Fro gestallt: Wat ass dann nëmme méiglech? Wat ass nëmmen a se gefuer, dass se sech grad just ëmmer mat Dir hunn, an dass se grad just hautzudags esou en immense Stellewäert dem Service public bäimoossen.

Ech muss Iech soen, ech hu mer et net einfach gemaach, et war relativ schwéier fir mech eng Äntwert dorobber ze fannen, mä duerch e puren Hasard…

Une voix.- Dat gleewen ech!

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- …hunn ech an enger franséischer Dageszeitung - et soll ee jo och ëmmer d'Originen nennen, et war am Quotidien - e Leitartikel gelies vun dem Chefredakter, dee Folgendes seet, a wann Der erlaabt, Här President, géif ech dat nach just kuerz virliesen.

M. le Président.- Awer kuerz.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Jo, dat ass ganz kuerz: «Parti ouvrier socialiste étatiste. La réflexion menée par les socialistes sur l'Etat et les services publics reflète bien la difficile position du plus grand parti d'opposition, qui a perdu les élections de 1999, depuis que le vote des fonctionnaires l'a déserté. Dans un contexte de libéralisation et de sous-traitance des services publics, il veut réaffirmer son attachement à des services publics placés le plus possible sous le contrôle de l'Etat régulateur.» An da kënnt de Saz: «Ça c'est l'idéologie. Et dans un contexte de forte différenciation statutaire entre les personnes qui exercent une fonction dans les services publics, il veut réaffirmer son attachement à une fonction publique plus unie, neutre, motivée et mieux formée. C'est ça la volonté de récupérer le vote des fonctionnaires.»

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, meng Parteipresidentin géing soen: „Dat kann dach net sënn."

Une voix.- Versprach ass versprach.

***(Hilarité et brouhaha général)***

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Ech hunn dat just virgelies.

***(Interruptions)***

M. le Président.- D'Wuert huet elo nach gefrot d'Madame Mady Delvaux.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

D'Madame Delvaux huet d'Wuert. Déi aner sollen nolauschteren.

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP).*- Merci, Här President, ech wollt och nëmmen eng ganz kuerz Interventioun maachen. Ech hunn dem Här Schaack mat groussem Intérêt nogelauschtert. Ech sinn och ganz frou, dass hien den zweete Rapport Info 2000 esou gelueft hei huet, well ech mech ganz gutt kann un déi Aarbechten erënneren, déi mer deemools mam Centre informatique, mat Vertrieder vun de verschiddene Ministèren, mat Expäre vu bausse gemaach hunn, fir ze kucke wat ee misst beim Stat maache fir d'Informatiounsgesellschaft zu Lëtzebuerg weiderzebréngen.

Dat war eng Aarbecht! Méintelaang souze mer zesummen, heibannen ass een, deen och derbäi war an dee sech ganz gutt kann dorun erënneren, an dee Rapport ass och ganz vill gelueft ginn. Mir hunn e '96 an der Regierung ofginn an domadder war d'Kompetenz vum Ministère des Communications eriwwer. Ech wëll drun erënneren, dass deemools d'Kommunikatiounen…

Mars, wann ech glift!

***(Hilarité)***

Ech wëll drun erënneren, dass deemools de Centre informatique an der Kompetenz war vum Kommunikatiounsministère, an dass deen déi Aarbecht weiderginn huet un dee Ministère, deen dofir zoustänneg war, an dat war de Ministère, dee sollt d'administrativ Reform hei zu Lëtzebuerg maachen, an de Service informatique war ni Maître d'oeuvre vu kengem eenzege Projet, deen do gelaf ass. Au mieux, am beschte Fall ass de Service informatique ugesi ginn als e Service provider, dee sollt exécutéiere wat déi verschidde Leit an déi verschidde Ministèrë géife vun em verlaangen, a wann et gutt gaangen ass, huet déi Zesummenaarbecht och plus ou moins gutt fonctionnéiert.

Ech denken och, dass eng Ursaach, firwat dass de Centre informatique an de Ministère vun der Fonction publique eriwwer komm ass, déi war, fir déi Zesummenaarbecht do précisément ze verbesseren. Ech huelen un, ech war jo net derbäi, mä ech kënnt mer awer virstellen, datt dat d'Ursaach war, firwat déi Reorganisatioun do gemaach ginn ass. Ech wollt dat just richteg stellen nom Här Schaack sengen Aussoen, a well ech mer och ka virstellen, datt deem esou ass nodeem de Rapport 1996 virlong mat ganz prezise Recommandatioune fir all Ministère mat engem Timing, engem Kalenner derbäi, wéini datt een dat kënnt aussetzen.

Nodeem déi Ballung vun de Kompetenze geschitt ass, an och no deene ville finanzielle Mëttelen, déi de Centre informatique kritt huet an all deene Joren, wéi den Här Schaack jo gesot huet, kann een nëmmen hoffen, datt dat schnell weidergeet an déi Reformen och ëmgesat ginn, well et sinn trotzdeem schon erëm véier Joer eriwwer säit déi Reorganisatioun an de Ministèrë geschitt ass.

Ech soe merci, Här President.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet nach gefrot den Interpellant, de Kolleeg Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Här President, erlaabt mer déi eng oder aner Remarque ze maachen. Ech hunn déi Interpellatioun hei ugefrot an der Erwaardung Äntwerte vun der Regierung ze kréien, ech hat awer net geduecht, datt déi Äntwerte sech géingen zu engem groussen Deel erschöpfen an där ganz grousser Konklusioun, déi mer elo vum Statssekretär hei virgedroe kruten, an zwar am Virliese vun engem Artikel vun iergendengem Journalist aus enger Zeitung. Et brauch een emol net ze soen aus iergendenger Zeitung.

Ech hat net geduecht, datt dat dee ganz groussen Objet wier vun dëser Interpellatioun, mä ech mengen, wann dem Här Schaack als Konklusioun net vill méi agefall ass wéi just een Artikel ze zitéieren, mat deem ech näischt ze dinn hunn, dat engagéiert just hien.

Ech wëll soen, datt eist Bekenntnis zum Service public net eréischt vu gëschter datéiert, an och net vu virgëschter, awer scho vu vill méi laang. Mir sinn effektiv derfir bekannt, wéi eenzel Leit dat hei gesot hunn, datt mir eis ëmmer agesat hu fir e staarken an e moderne Stat. Datt nëmme Räicher sech et kënne leeschten, datt et e schwaache Stat gëtt, datt et schwaach Services publics gëtt, dat hu mir ni gesot. Et kënnt een eis héchstens de Contraire virwerfen.

Mir gehéieren also net an déi Kategorie vu Parteien, déi emol driwwer nogeduecht hunn, ob et net besser wier de Stat a sengem Perimeter ofzebauen. Dat ass awer nach net e Jorhonnert hier. 1994 ass d'DP an d'Wahle gaangen an huet e schlanke Stat verlaangt, an dat war net, wéi den Här Graas gemengt huet, méi en effikasse Stat, neen, dat war geduecht fir manner Stat, a se ass domadder op d'Nues gaangen.

Scheinbar hutt Der eppes dobäigeléiert, Madame Polfer. Ech muss och soen, Dir hutt mech net enttäuscht an Ärer Aart a Weis wéi Dir hei virgaange sidd. Dir hutt erëm eng Kéier probéiert eppes ze insinuéieren, wat kee vun eiser Partei gesot huet an ech mat Sécherheet net, nämlech Virwërf un d'Beamteschaft gemaach ze hunn. Dat hunn ech net gemaach a wäert ech och net maachen. Ech setze mech ausernaner mam Pouvoir public. Et huet also kee Wäert, datt Der permanent, wéi dat bei Iech schonn Usus ass, en Amalgam probéiert fir d'Beamteschaft do mat eranzezéien.

Här President, ech muss och soen, iwwerzeegt sinn ech net, nodeem wat ech alles hei héieren hunn, an den Här Schaack ka sech esou vill Méi gi wéi hie wëllt mat Opzielungen. Et gëtt eng Evaluatioun vu sengem ganze Service, déi vu bausse gemaach gouf. Déi ass katastrophal. Bei där bleiwen ech. Déi hunn net mir bestallt, an dat ass och net d'ILReS, déi et gemaach huet, dat ass Cap Gemini, déi et gemaach hunn an déi Iech periodesch de Spigel virweisen.

Dobäi bleiwen ech, an ech muss soen, et ass traureg wéi Der probéiert Iech aus Ärer Responsabilitéit erauszestielen, doduerch datt Der elo ufänkt dee Koalitiounspartner, mat deem Dir an der Regierung sidd, permanent hei dofir responsabel ze maachen. D'Madame Delvaux huet Iech jo gewise wien u sech d'Responsabilitéit vun der Exekutioun dovunner hat. Dat musst Der mat Ärem Koalitiounspartner ausmaachen, grad ewéi Der och musst ausmaachen déi Virwërf, déi Der u sech um Niveau Enseignement gemaach hutt, an haaptsächlech déi, déi Der gemaach hutt un d'Ministërë vun der Fonction publique vun deene Jorzéngten, wann een esou wëllt, vu virdrun.

Näischt wär geschitt Ärer Meenung no an der Verwaltungsreform, mä dann eenegt Iech, well dee Minister, deen zoustänneg war bis zum Schluss op alle Fall, dee sëtzt dach mat Iech op enger Bänk. Eenegt Iech dorobber. Näischt wär anscheinend geschitt an deem Ministère, nëmmen Duerchenaner an Onrou.

Ech wier frou, wann Der dat mam Här Wolter eng Kéier géingt ausdiskutéieren an der Regierung an net hei op öffentlecher Plaz. Dat mécht een normalerweis net ënner Koalitiounspartner. Ech verstinn dat op alle Fall net esou.

Ech muss och soen, Här President, ech hunn eng ganz Rei Saache ganz opmierksam nogelauschtert, an op der Säit vum Spriecher vun der CSV si mer zwou Saachen hänke bliwwen, déi ech awer hei nach eng Kéier wéilt ënnersträichen.

Ech hu festgestallt, datt anscheinend d'Verlängerung vun engem Führerschäin keen hoheitsrechtlechen Akt méi ass, esou ass gesot ginn. A wat mech méi erstaunt huet, datt kommerziell Aktivitéiten am Kader vum Etablissement public an Zukunft net méi an deem Kader solle geschéien, mä ausgelagert solle ginn an déi privatrechtlech Strukturen. Wann Der wëllt, da soen ech Iech, wat mer vun Aktivitéiten esou hunn.

***(Interruption)***

Ech hunn dat opgeholl. Leet Ære Kapp a Rou. Ech weess ganz genau, wat gesot ginn ass, an ech wäert dat och nach des Öfteren nokucken.

D'Post, d'Spuerkeess, vläicht muer och de Fonds du logement, well dat war jo eent vun den Argumenter bei de Marchés publics, déi hätten eng kommerziell Aktivitéit, wou se a Konkurrenz wieren. Och déi géinge muer, laut den Aussoe vum Spriecher vun der CSV, ausgelagert ginn. Ech iwwerloossen him déi doten Ausso.

***(Interruption)***

Här Weiler, Dir kënnt Iech esou vill Méi gi wéi Der wëllt. Ech soen Iech, ech wäert wuertwiertlech dat opschreiwen, wat hei gesot ginn ass - et war dat do -, an da kënne mer et jo konfrontéieren.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Hutt Der dann eppes fir opzeschreiwen?

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Leet Ære Kapp a Rou.

Här President, ech wollt nach zwee Wierder zu de Motioune soen. Eis eege Motioun, déi eng Rei Ëmännerunge freet, haaptsächlech sech ausernaner setzt mat de Regele vun den Etablissements publics, awer och eng Rei aner Elementer dran huet.

Ech muss soen, mat de Regelen, déi d'Madame Ministerin opgestallt wollt hunn am Kader vun den Etablissements publics, kann ech mech zwar zu engem groussen Deel ufrënnen, wann dat Si och vläicht iwwerrascht, mä awer iwwert d'Instrument net. Ech plädéieren nach wie vor fir e Kadergesetz an net fir einfach en Text, deen an der Regierung ofgeseent gëtt. Dat do ass esou wichteg, datt ee menger Meenung no muss hei an d'Parlament kommen, an et ass d'Parlament, wat déi Funktioun soll ginn a soe wat fir e Contrôle, wéini, wou a wat operéiert gëtt. Et soll évaluéiert ginn, wéi d'Nominatioune solle kommen, an dat soll net nëmmen am stillen Kämmerlein vun der Regierung passéieren. Kommt mir maachen e Gesetz doriwwer. Kommt mir huelen nëmmen déi Saachen eran, déi noutwendeg sinn. Kommt mir ginn hin a regelen eng Rei Saachen iwwer Règlement grand-ducal.

Ech sinn dermat d'accord, datt een net alles am Gesetz ka maachen, do huet jo d'Regierung eleng d'Initiativrecht, mä ech wier frou, wa mer kënnten e Kadergesetz maachen an net einfach en Text, deen an der Regierung als solch ofgeseent gëtt.

Ech huelen un, d'Mme Minister wëllt eppes dozou soen?

M. le Président.- Mme Minister Polfer, Dir hutt Wuert.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Här President, ech wëll op ee Punkt agoen. Ech sinn natierlech frou, datt den Här Krecké en gros mat deene Propositioune kënnt d'accord sinn.

Ech hunn och gesot, datt ech mech gäre géing engagéieren an d'Kommissioun ze kommen, fir dat nach eng Kéier en détail virzeleeën. Wat ech just wëll ënnersträichen ass, datt d'Parlament ëmmer, egal a wéi enge Fäll, d'Oberhand iwwert d'Décisioun vun dem Kritär an dem Kader vum Etablissement public behält, well et gëtt jo keen Etablissement public, wat net vum Parlament ofgeseent wier, wou net d'Parlament de Kader, d'Missiounen, d'Objektiver, d'Fonctiounen an de Contrôle fixéiert, fir engersäits Klorheet ze hunn, fir Transparenz ze hunn, fir Prezisioun ze hunn. Dat ass elo emol meng Propositioun. Ech ginn domat an d'Regierung.

D'Lignes de conduite soll jiddferee kennen. Déi sinn offen a gëllen, wann hei en Etablissement public sollt proposéiert gi vun engem Ministère. Esou huet dann d'Parlament all d'Donnéeë fir ze kontrolléieren a fir deementspriechend seng Décisiounen ze ajustéieren. Dat ass ee Méi engersäits, wéi soll ech soen, vu Méiglechkeeten, fir sech deene verschiddene Situatiounen ze adaptéieren, an hei huet d'Parlament ëmmer d'lescht Wuert.

Dat war d'Ursaach, ech wollt dat just nach preziséieren, firwat datt ech wollt op deen do Wee goen. Mir kënnen nach an der Regierung doriwwer schwätzen, sinn awer selbstverständlech gär bereet an d'Kommissioun ze kommen.

M. le Président.- Den Här Krecké freet d'Wuert nach eng Kéier.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Här President, ech muss soen, datt ech dee Wee net gutt fannen. Wa mer nämlech e Kadergesetz gefuerdert hunn, dann ass dat, well mer mengen et wieren eng Rei gemeinsam Regelen, an datt déi net an der Regierung sollten décidéiert ginn an och net missten an all eenzelt Spezialgesetz kommen. Mir fannen, datt en allgemengt Kadergesetz besser wär, wat kéint periodesch ëmgeännert ginn an der Entwécklung kéint Rechnung droen, well da brauche mer net - ech mengen et sinn an déi 60 oder 70 Etablissements publics -, wa mer muer décidéieren e gewëssene Punkt anzebauen, 70 Gesetzer ëmzeänneren.

Kommt, mir huelen déi allgemeng Punkten a setzen se an e Kadergesetz. Esou ännere mer e Gesetz ëm, dat applicabel ass fir all déi aner. Ech sinn d'accord, datt mer dorop zréckkommen, Här President.

E lescht Wuert zu de Motioune vun de Kolleegen aus der Majoritéit. Ech muss soen, datt et mech am Fong geholl net erstaunt, datt d'Poursuite vun deem, wat mir am Fong geholl als Virwërf hei gemaach hunn, vill Verbiage war a relativ wéineg dra war.

Ech wëll nëmmen dee groussen „invite" huele vun der Motioun 3, dee seet: „à poursuivre", et gëtt mech wonneren, dass net dra steet „le cas échéant" oder nach e puer aner Bunnen, an da seet se: „dans la mesure du possible" Reformen a Modernisatioun weiderzeféieren.

Et ass remarquabel, datt mer elo en Décolage wäerten erliewen an dann, wat ech am beschte fannen, dat ass «et à orienter tant les projets en cours que ceux susceptibles d'être engagés encore en fonction des besoins de tous les bénéficiaires de services». Et freet ee sech wiem seng Besoinen da soss, wann et net déi do sinn. Ech froe mech, firwat dass dat muss an enger Motioun ënnerstrach ginn.

Grad wéi ech muss soen, dass Der am Fong geholl an der Motioun 2, am leschten Dispositif, déi Kriticken, déi vun eiser Säit komm sinn, nach just ënnersträicht. Mir hu gesot, Dir hutt nëmmen Etüden an deene véier Joer gemaach, Dir hutt keng Décisioune geholl op deene wesentleche Punkten an elo hate mir Angscht, déi wäerten dach net dat lescht Joer eppes maachen. Neen, elo maache mer e Groupe de travail interministériel, deen dann elo eng nächst Etüd vun den Etüde mécht. Et steet do, et ass eng „réflexion cette fois-ci en profondeur", déi mer maachen an da si mer berouegt, da si mer iwwert d'Wahlen ewech, Här President, an déi Angscht, déi ech hat, dass dat lescht Joer nach op eemol ee géing do eppes ënnerhuelen, ass mer dann elo verflunn. Stëmmt dat do, da brauch och déi Regierung, déi elo nach ee Joer am Amt ass, näischt ze maachen, da ka se elo eng Studie vun deene sämtleche Studie maachen an dofir wäerte mir dat do och net stëmmen.

M. le Président.- Den Här Jacques-Yves Henckes huet d'Wuert gefrot zu de Motiounen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt kuerz zu de Motioune Stellung huelen. Ech hu festgestallt, datt an där Debatt, déi mer hei elo zum Schluss haten a wou de Minister vun der „CGFDP" geschwat huet, mer gemierkt hunn, datt hie mat ganz ville Beweiser ugetratt ass fir ze soen, datt an der viregter Koalitioun näischt geschafft ginn ass um Niveau vun der Réforme administrative, an datt dat och nach elo an dëser Legislatur esou weidergaangen ass.

Well wann een dat nämlech gesäit wat hei an der sozialistescher Motioun virgestallt gëtt am leschte Considérant, wou steet: „constatant que toutes les mesures prévues dans le rapport Frieseisen datant de 1995 ne sont toujours pas prises en considération pour faire avancer la réforme administrative",

da stellen ech fest, datt zwëschent 1995 an 1999 déi viregt Regierung dee Rapport do net exécutéiert huet, obwuel si e bestallt hat. A wann een elo déi nei Regierung opfuerdert dat ze maachen, dat ass ganz gutt, mä ech mengen, et hätt een awer och selwer an där Zäit do kënnen eppes maachen.

Wat och erstaunlech ass, dat ass, datt d'Regierung elo higeet an nees e Groupe de travail interministériel wëllt an d'Wee leede fir d'Etüd ze maachen. Wann een näischt wëllt maachen, Madame Ministerin, Här Statssekretär, da mécht een eng Etüd oder e Comité. Dat Wichtegst ass, datt hei e puer Leit drop gesat gi fir konkret Propositiounen ze maachen. An deene véier Joer virdru war et fir d'Aarbecht ze accéléréieren an net elo e Joer virun de Wahlen, well esou kënnt een zu näischt.

An deene puer Motioune si Saachen, déi mer kënne matdroen, mä well mer awer mat der Grondausrichtung vun de Motiounen 1, 2 an 3 net d'accord sinn, wäerte mer géint déi Motioune stëmmen.

Wat d'Motioun 4 ugeet wëll ech drop hiweisen, datt mer verlaangen, au vu vun der Situation financière vum Stat, datt mer eng Etüd maachen iwwert de Käschtepunkt an d'Engagements financiers fir d'Zukunft vum Pensiounsregime vun der öffentlecher Fonctioun, grad wéi mer dat gemaach hu fir d'Pensiounsregimer vum private Secteur.

Ech mengen, et ass legitim, datt d'Land, datt d'Chamber, datt d'Regierung informéiert gëtt wéi de Käschtepunkt an Zukunft soll évoluéieren. An dofir hu mer déi Dispositioun hei dra gesat.

Dat zweet wat mer froen ass, datt mer gewuer ginn, wéi vill d'Masse salariale vum Secteur public ass.

Ech war erstaunt, wéi ech hei notamment vum grénge Kolleeg, dem Här François Bausch, gesot kritt hunn, dat wier public. Ech sinn nach méi erstaunt doriwwer, an den Här Schaack laacht elo, well hie weess scho mat wat ech elo kommen, et ass nämlech esou, datt mer déi Fro dem Minister vum Trésor gestallt hunn an der Finanzkommissioun. Den Här Gibéryen huet déi Fro gestallt an de Minister vum Tresor huet gesot hie kënnt déi Äntwert net ginn. Mir missten ons un de Minister vun der Fonction publique wenden. Dat ass dann och geschitt an enger Question parlementaire an den 10. Februar 2003 äntwert fir de Minister vun der Fonction publique de Statssekretär, den Här Schaack, an hie seet, datt et effektiv net méiglech wier fir erauszefanne wéi vill de Stat insgesamt u Gehälter bezilt.

Ech liesen hei e puer Extraiten doraus. „Lorsque l'on parle de masse salariale à charge du budget de l'Etat, il y a lieu de comprendre par là non pas seulement celle des agents de l'Etat proprement dit, mais également celle des agents dans les différents secteurs assimilés. Or il se trouve à ce sujet que le Ministre de la Fonction publique n'a jamais disposé d'une compétence générale en la matière, mais d'une compétence qu'il partage avec presque tous les autres membres du Gouvernement, si bien que les chiffres dont il a connaissance ne correspondent en aucun moment au montant complet et exact que vous souhaitez et ne pourront à ce titre refléter que des vérités partielles."

Et ass au vu vun där Äntwert, déi mer vum Ministère vun der Fonction publique kritt hunn, wou mer elo d'Regierung, an net nëmmen dëse Ministère, opfuerdere fir eng Etüd maachen ze loossen, fir ons déi Informatioune ginn ze loosse wéi vill mer u Gehälter am Statsapparat bezuelen.

Et ass dat wat mer an der Motioun wollten hunn. An all Land ass et méiglech. Hei zu Lëtzebuerg ass et net méiglech a wann eng Reform vum Centre Informatique de l'Etat usteet, da misst een dat heiten esou duerchkréien.

M. le Président.- Den Här Bausch freet d'Wuert

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- De Secteur assimilé gëtt net iwwert de Statsbudget bezuelt. Wann ech d'Eisebunn zum Beispill huelen, déi gëtt jo net iwwert de Statsbudget bezuelt.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Also ech kann hei dann déi ganz Äntwert virliese vum Här Schaack, dee seet, datt et effektiv verschidde Contributioune gëtt, zum Beispill bei der CFL, bei der Post, datt bei de Gemengen a bei der Police och verschidde Repartitioune vu Käschte bestinn, an et geet also drëm, datt mir dee globale Montant gewuer ginn. An et ass dat wat mer gären hätten. Ech gesinn, datt dat an all Land an Europa méiglech ass, sauf zu Lëtzebuerg.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen, déi abruecht gi sinn.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Et wäert jo awer sécher nach erlaabt sinn ze froe wat d'Personalkäschte par rapport zu dem gesamte Budget sinn.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- D'Wuert freet den Här Serge Urbany. Dir hutt d'Wuert, Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, ech hätt nach eng Fro wat déi Motioun 1 vun der LSAP ugeet. Et ass eng Verständnisfro. Ech liesen hei, mir sollen en Text stëmmen, wou d'Regierung opgefuerdert gëtt eng Loicadre iwwert d'Etablissements publics ze maachen, wou eng Klassifikatioun vun den Etablissements publics géif dran definéiert ginn an do sollte Règles homogènes wat de Fonctionnement an d'Organisatioun vun deenen Etablissementer ugeet opgestallt ginn, «notamment pour la composition et la nomination des organes dirigeants». Ech fannen awer näischt iwwert d'Personal dran.

Hei gëtt gesot, et soll en homogene Statut kommen, meng Fro wier un den Interpellant: Gëllt deen homogene Statut och fir d'Personal egal wou et schafft, a wann dat de Fall ass, wat fir e Statut wier dat da senger Meenung no? Dat schéngt mer awer hei wichteg ze sinn. Grad déi wichteg Fro vum Personal, wou jo awer d'Leit betraff sinn dovunner, gëtt nämlech hei an där Motioun absolut net gekläert, weder an deem enge Sënn, nach an deem aneren. Mir hunn elo vun der Madame Minister héieren, dass si wëllt bei deenen zwou Kategorië vun Etablissements publics, déi se genannt huet, e Statut privé aféieren. Ech wéisst gär op wat…

***(Interruption)***

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- A bei den administratifs hunn ech gesot, datt déi de Statut public…

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Déi éischt Kategorie. Dir hutt nach eng Zwëschekategorie do geschafe vun Etablissements culturels. Bon, ech wollt einfach wëssen op wat déi Motioun hei erausgeet, fir dass ech soll wëssen, ob ech se stëmmen oder net.

M. le Président.- Jo, Här Krecké.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Ech hunn nämlech näischt iwwert de Statut gesot aus engem ganz einfache Grond. Et ass net kloer. Deen Accord salarial, deen ofgeschloss ginn ass, gesäit vir - et ass net ëmgesat -, dass all déi Leit, déi an Etablissements publics sinn, dat steet ganz allgemein do, sollen de Statut public kréien. A vu dass ech net richteg versti wat dat heescht a wat do ofgemaach ass hunn ech dat fir de Moment si gelooss, mä ech hunn awer da verstanen aus deem wat Dir gesot hutt, Madame Polfer, dass Dir sot bei där drëtter Kategorie, déi an de kommerzielle Beräich falen, dass do de Statut privé kënnt spillen. Dat verstinn ech, also dass muer bei der Spuerkeess, bei der Post an esou de Statut…

***(Interruptions)***

Jo dach, déi falen an de kommerzielle Beräich.

Also wann d'Post an d'Spuerkeess net kommerziell sinn, da froen ech mech awer wien et ass.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Här Krecké, Dir hutt falsch verstanen oder Dir hutt net gehéiert, wéi ech gesot hunn, datt ech Propositioune géing maache fir d'Zukunft. Ech hu gesot, ech géing Propositioune maache fir d'Zukunft, wéi an Zukunft d'Etablissements publics wieren. Ech huelen net un, datt Der d'Spuerkeess muer wëllt, eng nei niewendru maachen. Majo, also.

***(Interruption)***

Fir déi nei, a mir mussen dat eben definéieren - ech maachen dat elo net nach eng Kéier, wat ech virdru gesot hunn -, maache mer ebe verschidde Propositiounen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Här Urbany, verstitt Der elo, datt bei deem Duerchenaner et net eraus ze liesen ass aus dem Accord salarial. Dat dote steet nämlech an där Form net dran, dass dat elo fir d'Zukunft ass, dofir hunn ech dat do wëllen ausklammeren, a vu dass et jo e Gesetz gëtt, kënnt et jo heihinner. Dat war jo eis Propositioun. Et soll ee Gesetz ginn an da soll hei driwwer geschwat ginn. Mä ech konnt mer kee Reim maache wat den Accord salarial ausseet op deem dote Punkt. Bon, ech stellen also elo fest, dass an Zukunft déi privatrechtlech Strukture méiglech sinn an och de Statut fir Saachen, déi an Ärem Iddi, déi drëtt Kategorien, nämlech de kommerzielle Beräich betreffen.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Ech hu gesot, datt mer do ebe missten nuancéieren.

***(Interruption)***

Fir den drëtten.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Mä Dir selwer, Här Krecké, sidd awer fir de Statut public, iwwerall an all Etablissement public. Dat war meng Fro eigentlech.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Jo!

***(Interruptions)***

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Dont acte, géif ech soen.

M. le Président.- Den Här Bausch freet d'Wuert.

***(Interruptions)***

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Här Krecké, da froen ech mech awer, firwat datt Der mat dem Statut privé an deene véier Etablissements publics d'accord waart, déi Der an deene leschte véier Joer matgestëmmt hutt a bei all deenen, déi Dir gemaach hutt, a bei all deenen, déi Dir an deene leschte 15 Joer bruecht hutt. Do ass awer an der grousser Majoritéit vun de Fäll de Statut privé. Also do verstinn ech dann awer Är Welt net méi.

***(Brouhaha général)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Wann ech eng Regierung gesinn, déi en Accord salarial ofschléisst an déi dat do festschreift, da sinn ech der Meenung, dass si sollen dat do maachen.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Här Krecké, bleift bei Ärer Logik. Dir hutt elo just ganz gutt dem Här Urbany kloer gesot, Dir sidd elo der Meenung et misst ëmmer Statut public sinn…

***(Interruption)***

…a während 15 Joer hutt Der just de Contraire gemaach.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Här President, nach eng Kéier, dass et kloer ass. Dat muss net de Fonctionnaire sinn, de Statut public, dee fir d'Zukunft kënnt.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Wat ass et dann?

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot.

***(Interruption)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech kommen op d'Pult, well soss hunn ech hei keng Chance an deem Sall, muss ech feststellen. Ech muss soen, Här President, ech hunn awer elo eppes héieren, wou ech awer e bësse muss staunen.

Also, ech hunn de Mëtteg virgelies am Kader vun der Etüd «Le rôle de l'Etat», datt déi Diskussioun, fir an Zukunft also Uerdnung ze schafen, wann Der et esou wëllt huelen, an déi ganz Etablissements publics, datt dat jo aus där Etüd do ervirgeet, an datt déi Analys baséiert op dem Ist-Zoustand wéi en haut ass. Dat heescht, iwwer 50 - oder wéi vill sinn et der, hat d'Madame Minister selwer gesot -, 60 Etablissements publics.

Wann ech awer elo hei héieren, datt mer solle Kritäre schafen, respektiv eng Loi-cadre schafen, ech wëll emol net elo doriwwer streiden iwwer wat fir ee Wee ee wëllt fueren, ech sinn och fir eng Loi-cadre, mä huele mer emol un nëmmen eng Ligne de conduite géife schafen a mir klameren déi 60 vun der Vergaangenheet alleguer aus, also dann hu mer jo awer näischt erreecht. Da kënne mir déi Etüd do an d'Poubelle geheien. Well dann hu mer jo awer guer näischt erreecht. De Problem ass jo awer deen, datt mer jo wëllen…

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Neen, esou ass et net.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Majo, dat hutt Der elo grad gesot. Et deet mer Leed, Dir hutt elo grad gesot, well dat war nämlech d'Fro vum Här Krecké zu Recht, wann der deen drëtten, den Etablissement industriel et commercial schaaft an Dir benotzt déi Instrumenter, déi Der do schaaft fir Uerdnung ze bréngen an déi, déi mer haut hunn, dann ass et awer zimlech kloer, wann Der bei deenen e Statut privé virgesitt fir d'Personal, da fält d'Post mat 100%eger Sécherheet ënnert d'Kritäre vun där doten Definitioun.

Well wann d'Post oder d'Spuerkeess net drënner fält, da sinn ech der Meenung, da braucht Der en net ze schafen, da gëtt et keen esou. Ech hunn net gesot, ech wier do dofir fir deen Etablissement industriel et commercial, esou wéi en do beschriwwen ass. Mä wann Dir awer hei virdru sot Dir wëllt an déi Richtung goen an Dir wëllt dat maache fir Uerdnung dran ze bréngen an Dir wëllt et och applizéieren no eingehender Analys op déi 60, dann ass et awer zimlech kloer, datt d'Post an d'Spuerkeess do drënner falen. Dat heescht den Här Krecké huet Recht, wann hien hei seet, dann ass et kloer, da wäerten an der Zukunft bei der Post a bei der Spuerkeess d'Leit keen öffentlech-rechtleche Statut, mä nëmmen e privatrechtleche Statut hunn.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Da wëll ech dat ganz kloer nach preziséiere wat de Recrutement, dat heescht de Statut vun dem Personal ubelaangt. Dat kann een aneschters traitéiere fir net alles effektiv an enger Kéier op d'Kopp ze stellen. Et kann een aneschters traitéieren, wéi zum Beispill de Contrôle, d'Fonctionnementsregelen, do ginn ech effektiv dovunner aus, datt déi Lignes de conduite, déi mer unhuelen, sech an engem gewëssen Zäitraum op all d'Etablissements publics mussen applizéieren, well soss huet et effektiv kee Sënn. Wann ech hei gesot hunn d'Cour des Comptes misst se all kënne kontrolléieren, da ginn ech éischtens dovunner aus, datt effektiv och d'Cour de Moment schonn der Opfaassung ass, an och déi Leit, déi d'Réglementatioun gemaach hunn,...

***(Interruptions)***

Mir kenne jo déi verschidden…

***(Interruption)***

Neen. Mir kennen déi verschidden Interpretatiounen, déi et doriwwer ginn. D'Cour des Comptes selwer mengt jo dat wier net esou.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- D'Cour ass der Meenung, dass si iwwerall misst kënnen, haut schonn, kontrolléieren.

Une voix.- Den Här Pesch ass net där Meenung.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Den Här Pesch ass net där Meenung, mä dat ass…

***(Interruptions)***

Här President, ech wëll awer soen, ech wëll awer bei deem Punkt bleiwen, ech wëll net…

***(Interruptions)***

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Wat d'Fonctionnementsmodalitéiten ubelaangt an de Contrôle dovunner, do muss effektiv eng unitaire Applicatioun kommen, soss hätt effektiv d'Fixatioun vu Kritäre kee Sënn. Dat ass ganz kloer.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Da wëll ech awer nach eng Kéier zréckkommen op deen heitege Punkt vun dem Statut vum Personal. Virdrun ass hei gesot ginn, vun dem Här Statssekretär a vun der Madame Minister, datt ee Grond firwat een Etablissements publics schaaft, dat ass fir méi Flexibilitéit ze kréien, ënner anerem och zum Beispill ass gesot gi bei Recrutementsméiglechkeeten. Datt zum Beispill, wann een an d'Richtung geet vun industriel et commercial, dann hätt ee méi flexibel Méiglechkeete fir d'Leit anzestellen.

Wann Der natierlech elo higitt an Dir maacht dat wat Der elo grad gesot hutt, dann ass et jo awer kloer, da muss weider bei der Post a bei der Spuerkeess agestallt ginn op Basis vum Statut du fonctionnaire vun haut. Dat heescht, da gëllt dat Argument awer mat Sécherheet net, wat Der virdrun hei gesot hutt, datt Der méi eng grouss Flexibilitéit kritt bei de Recrutementer, an da bleiwen ech bei der Meenung, datt Der, ausser um Niveau vun der Gestioun bei deenen doten Etablissementer, do e bësse méi Klorheet kritt wéi Der dat haut vläicht hutt.

Dobäi sinn ech awer der Meenung, datt, wat d'Post a wat d'Spuerkeess ubelaangt, souwisou bei deenen d'Klorheet am gréissten ass. Et gëtt aner Etablissements publics, wou dat éischter e Pro-

blem ass wéi do. Mä dat heescht awer ganz kloer, datt wann Der higitt an Dir wëllt iwwerall de Statut public uwenden, dann ass et zimlech däitlech, da musst Der villes änneren an der Zukunft an dann huelt Der Iech awer en Deel vun de Moyenen ewech, laut Ären eegenen Argumentatiounen, déi Der gefouert hutt.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Neen, also ech menge mir schwätzen elo wierklech laanscht eneen. Wa mer den Ist-Zoustand huelen, da gesi mer, datt bei deenen allermeeschten Etablissements publics d'Personal haut de Statut privé huet.

***(Interruptions)***

Kënnt Der mer wann ech glift nolauschteren.

Déi grouss Mass vun den Etablissements publics hu Personal wat am Statut privé ass.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Ech mengen, Här President, si versti sech net.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Wa mer elo géinge soen, dat wat den Här Krecké jo seet, wat hier Ligne war, wat se awer just de Contraire gemaach hu während 15 Joer, do missten alleguerten déi Leit an de Kader vum Droit public…

***(Interruptions)***

Da loosst mech wann ech glift fäerdeg schwätzen. Déi misste Fonctionnaire ginn. Dat ass eng Saach vun der Onméiglechkeet, well déi Leit jo de Konditioune ganz oft vun dem Fonctionnariat net entspriechen, esou datt dee Wee guer net méiglech ass. Deen ass guer net méiglech, souguer wa mir et géingen décidéieren. Dofir hunn ech gesot, am Kader vun dem Statut wat d'Personal ubelaangt, wäerte mer och fir d'Zukunft effektiv déi zwou Méiglechkeete bäibehalen. Ganz kloer. Dat hunn ech awer, mengen ech, hei kloer gesot.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Mir stëmmen elo of iwwert déi Motioun. Den Text selwer hutt Der virleien.

***(Brouhaha général)***

Wien dofir ass…

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wëll lech soen…

***(Interruptions)***

M. le Président.- Dir iwwerdreift elo, Här Bausch.

***(Brouhaha général)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech hunn nach Zäit fir d'Motiounen zegutt an déi ass net ofgelaf.

M. le Président.- Ma sécher ass se ofgelaf!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Frot den Här Greffier. Dee seet Iech wahrscheinlech, datt ech Recht hunn.

Plusieurs voix.- Neen, neen, neen.

M. le Président.- Dir potert elo rëm. D'Discussion générale ass ofgeschloss.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech muss mer dach net virschreiwe loosse vun Iech, wat ech mat menger Riedezäit hei ufänken.

M. le Président.- Dat wëll ech net maachen. Ech sinn dofir do fir ze kucken, dass d'Reglement agehale gëtt.

***(Interruptions)***

Mir stëmmen of iwwert en Text, dee kloer ass. Wien net derfir ass, dee stëmmt dergéint, an och ëmgekéiert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, frot Ären Greffier, dee bestätegt Iech, dass ech nach Riedezäit hunn zu de Motiounen.

M. le Président.- Dat doten ass jo awer Gepoters. Dir féiert e Gepoters hei mat der Madame Ministerin.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Also ech wosst net, Här President, wann hei en Deputéierten der Regierung Froe stellt, well Onklorheete si bei esou engem wichtegen Dossier, dass dat Gepoters ass an dësem Parlament. An, Här President, ech wëll Iech nach eng Kéier drop hiweisen, dass ech ës einfach genuch hunn an dësem Parlament, datt heiansdo parteiesch presidéiert gëtt.

***(Interruptions diverses)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, wann ech hei Riedezäit hu fir Froen ze stellen un d'Regierung, déi ech virun der Regierung gestallt hunn, well ech konnt net wëssen am Virfeld, ech hu keng hellseheresch Fäegkeete, wat d'Regierung hei zielt, dann ass dat mäi Recht am Kader vu menger Riedezäit déi Froen ze stellen, an dat Recht loossen ech mer net huelen.

M. le Président.- Dat wëllt och keen Iech huelen! Dir sollt op de Sujet zréckkommen!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech hunn déi ganzen Zäit zum Sujet geschwat!

Här President, ech sinn der Meenung, datt déi Motioun vum Här Krecké total berechtegt ass an och all déi Froen, déi hei gestallt gi sinn, net gekläert sinn. An ech hoffen, datt mer relativ séier an der Kommissioun zesummekommen, fir déi do Froen am Detail ze diskutéieren an ech maachen hei am Numm vu menger Fraktioun d'Demande, datt d'Commission de la Fonction publique soll esou séier wéi méiglech zesummekommen, fir déi dote Froen am Detail ze klären, well dat si Froen, wou d'Öffentlechkeet gär Äntwerten hätt a virun allem effektiv, wéi den Här Urbany richteg gesot huet, déi vill Leit, déi an deem Secteur do schaffen.

Mech hunn, muss ech éierlech soen, déi Äntwerten, déi ech hei kritt hunn, an deem Mooss net zefridde gestallt. Dat sinn deelweis widderspréchlech Aussoen. Ech bleiwe bei där Meenung an ech wier frou wa mer op alle Fall an deenen nächste Wochen a Méint méi prezis Äntwerten dorobber kréichen an ech mengen och dofir, datt een d'Motioun vum Här Krecké awer ka stëmmen, well dat schléissen d'Äntwerten op déi dote Froen net aus.

An ech hunn nach véier Minutte Riedezäit, Här President!

M. le Président.- Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat lescht wat den Här Bausch elo gesot huet dat géing all Dialog oder Monolog évitéieren, dat ass fir déi Motioun an d'Kommissioun ze verweisen. Ech mengen, dass d'Madame Polfer an hirer Qualitéit als Minister dat scho virdrun ugebueden huet an hirer Interventioun, esou dass ech déi Propositioun vum Här Bausch géing opgräifen. Ech weess zwar net, den Här Bausch huet elo gesot esou schnell wéi méiglech. Mir sinn zimlech vir bäi an hanne widder, och mat de Kommissiounssitzungen, mä wann Der d'accord sidd, da géinge mer et an deenen éischte Wochen oder an deenen éischte 14 Deeg, dräi Wochen, wann déi nei Sessioun erëm ugefaangen huet, maachen. Ech fannen dat eng vernünfteg Propositioun an dofir géing ech déi och ganz gären unhuelen.

Erlaabt mer awer nach ee Wuert ze soen. Ech kann dat net ganz gutt akzeptéieren, Här President, wann der schwätzt vu Gepoters, well hei si jo och Äntwerte komm vun der Madame Minister, an ech hunn dat éischter interessant fonnt. Et gëtt engersäits eng Fro gestallt an anersäits kënnt eng Äntwert. Datt mer elo e vernünftegt Enn fonnt hunn, dat fannen ech natierlech besser, an datt mer et an d'Kommissioun verweisen, mä ech kann awer net unhuelen, datt d'Regierung hei op eemol ufänkt ze poteren. Dat, mengen ech, kann een net gutt soen.

***(Interruption)***

Ech fannen Äre Stil ganz an der Rei a mir appréciéieren dat och, mä erlaabt mer just fir dat preziist Wuert vläicht net grad esou a sengem Kontext ze akzeptéieren.

Da wollt ech nach eng Propositioun maachen zu där Motioun, déi mir eraginn hunn, an notamment Compte tenu vun deem wat hei gesot ginn ass, wollt ech déi Propositioun maachen an zwar an der Motioun 2 de leschten Alinea vum Dispositif, „invite le Gouvernement à charger le groupe de travail interministériel de continuer la réflexion en profondeur…

***(Hilarité)***

…en fonction des conclusions contenues dans les deux rapports sur le rôle de l'Etat".

***(Interruptions)***

Also ech mengen, Här President, wa jiddereen hei ka schwätzen, dann ass deen Eenzege wou ech gemengt hunn, datt en näischt verstanen hätt den Här Henckes.

***(Interruptions diverses)***

Dat heescht also, mir wëllen deem Rechnung droe wat hei gesot ginn ass. Wann Der et natierlech net wëllt akzeptéieren, da loosse mer et esou stoe wéi et steet. Dat ass mir esou laang wéi breet. Mä ech géing awer proposéieren, an engem Intérêt de clarification, datt mer géinge just dee Changement abréngen, och mat dem Accord vun der Regierung : „à charger le groupe de travail interministériel de continuer la réflexion". Méi ass net.

***Motion 2 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le Luxembourg dispose de services publics d'une qualité élevée qui ne suscitent auprès de la population aucune critique ni contestation majeure;*

*- notant avec satisfaction qu'une forte adhésion du public a pu être constatée en faveur des services publics à l'occasion d'un sondage d'opinion réalisé en juin 2002, permettant de dégager le sérieux, la confiance et la qualité comme étant les trois principales caractéristiques à la base de cette adhésion;*

*- estimant cependant que cette qualité et cette bonne image de marque ne sauraient dispenser nos services publics d'une adaptation aux aspirations des usagers, en termes d'efficacité et d'accessibilité, ainsi qu'aux exigences nouvelles d'une économie ouverte sur l'extérieur;*

*- rappelant au Gouvernement ses engagements pris dans le cadre de sa déclaration du 12 août 1999 concernant une redéfinition du périmètre d'action de l'Etat, «en privilégiant une approche destinée à assurer un 'mieux d'Etat'»;*

*- jugeant que la délimitation du périmètre du service public, la définition de ses enjeux et des règles régissant son fonctionnement continuent à être une responsabilité de l'Etat en tant que puissance publique;*

*- estimant que dès que le rapport du groupe de pilotage sur le secteur conventionné aura été finalisé, le Gouvernement disposera de toutes les études nécessaires pour pouvoir en dégager les pistes adéquates;*

*invite le Gouvernement*

*- à veiller à la sauvegarde et à l'adaptation permanentes des principes du service public, à la promotion d'une conception plus exigeante et plus concrète des principes d'égalité et de continuité, à l'amélioration de l'accueil des usagers et de la transparence du service public, enfin au maintien, chez les agents chargés de l'assurer, d'un sens authentique du service public, avec les exigences déontologiques que cela comporte;*

*- à prendre dans les meilleurs délais les décisions nécessaires concernant l'établissement d'une ligne de conduite à respecter au moment de la création de nouveaux établissements publics, avec des règles précises à appliquer pour l'avenir concernant en particulier leur gestion, leur fonctionnement et les modalités de leur contrôle;*

*- à charger le groupe de travail interministériel de continuer la réflexion en profondeur en fonction des conclusions contenues dans les deux rapports sur le rôle de l'Etat et les missions des services publics, afin de lui faire des propositions concrètes concernant leur implémentation.*

*(s.) Gusty Graas, Maggy Nagel, Jean-Paul Rippinger, Fred Sunnen, Lucien Weiler.*

M. le Président.- Den Här Weiler freet och nach d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, ech wollt just ee Wuert soen, well virdrun hei eng kleng Polemik opkomm war iwwert dat Wuert, wat Dir gebraucht huet. Ech wëll, datt mer alleguerten heibanne korrekt bleiwen. Mir hunn elo just hei e gutt Beispill ginn a gewise wéi schwiereg, datt et heiansdo hei ass fir ze presidéieren an dësem Raum. A wann de President dat Wuert Gepoters gebraucht huet, da war et ganz sécher net fir quant au fond dat wat hei vun dem Deputéierten an der Madame Minister gesot ginn ass, ze qualifizéieren, mä hien huet d'Aart a Weis gemengt, wéi hei diskutéiert ginn ass.

Ee steet op der Tribün a schwätzt, den Här Krecké schwätzt, et schwätzen nach zwee aner Deputéierten an d'Madame Minister soll schwätzen, a fir dann neutral a korrekt dat heite presidéiert ze kréien, dat ass net esou evident. A wann een esou eng Form vun Discours, wéi mer se heibannen haten eng Kéier kann als Gepoters qualifizéieren, dat fannen ech net schlëmm, dat fannen ech souguer richteg, well et war dat. Et huet awer net viséiert, an do sinn ech sécher, datt ech de President richteg interpretéieren, wat quant au fond vun deenen eenzelne Leit hei zu deem Thema gesot ginn ass.

M. le Président.- Ech fannen, datt mer jiddefalls de Mëtteg eng gutt interessant Diskussioun haten an ech bedaueren, dass just elo zum Schluss hei op eng Kéier een Duercherneen entsteet. Deen ee rifft hei, deen anere rifft do. Dat ass eng Aart a Weis, wou ech iwwerzeegt sinn, dass déi Leit, déi dat nokucken, dat net appréciéieren. Wéi gesot, et soll dach een deem aneren nolauschteren an e schwätze loossen an net dauernd ënnerbriechen, denn Gleiches erzeugt Gleiches. Wann deen een ënnerbrécht, da rifft deen aneren och erëm an ech fannen, dass een dat an enger Chamber, wou Gesetzer solle gemaach ginn, an där Form net soll maache wéi dat elo geschitt ass.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech wollt nach just soen, dass ech kee Problem domadder hunn, datt Der presidéiert am Sënn, datt en uerdentlechen Débat soll stattfannen. Mä domat hat ech um Riednerpult awer net vill ze dinn. Ech hunn einfach versicht hei eng Rei Froen ze stellen un d'Regierung am Kader vu menger Riedezäit an et war kee Grond do fir ze soen, Dir musst Iech elo sëtzen, mir stëmmen elo hei of. Dat ass dat firwat ech mech opgereegt hunn. Ech war total en règle, well ech hei meng Fro gestallt hunn am Kader vu menger Riedezäit.

M. le Président.- Ech hunn awer festgestallt, dass hei op mengem Computer d'Luucht ugewisen huet, dass d'Zäit ofgelaf wier. Da bedaueren ech dat. Ech hunn nëmmen dat gemaach wat ech gemengt hu wat meng Flicht ass, fir ze iwwerwaachen, dass hei jiddereen am Rumm vun eisem Reglement, dat mer eis selwer ginn hunn, déi Rechter kann ausüben.

Den Här Urbany freet nach d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, ech wëll just soen, ech hu selten eng Diskussioun erlieft, wou esou pertinent op de Kapp zou gefrot ginn ass, Froen, déi wichteg si fir d'Zukunft vum Land, déi de ganze Secteur interesséieren. Dat war emol eng Kéier eng nëtzlech Diskussioun.

Ech wëll awer soen, ech wäert mech enthale bei där Motioun, well ech fannen, datt se ze vill Méiglechkeeten opléisst. Wa mer ufänken d'Klassifikatioun hei ze fuerderen, da maache mer d'Boîte à Pandore op fir verschidde Statuter an der Fonction publique ze schafen an ech fannen, dat ass eng ganz geféierlech Entwécklung. Mir héieren elo schonn, dass an der Post eventuell sollen zwou Kategorië geschafe ginn.

Den Institut vu Maastricht seet just de Contraire. Dat ass eng ganz geféierlech Diskussioun, mat Iwwerganksstatuter. Déi, déi nei agestallt ginn, kommen dann an de Privatsecteur, déi aner bleiwen am Secteur public a grad dat wat Maastricht kritiséiert, dass domat zwou Kategorië vu Leit, déi déiselwecht Aarbecht maachen, geschafe ginn, ass eng ganz geféierlech Entwécklung. Also ech wäert mech bei där Motioun hei, déi eng ganz Partie vu richtege Saache seet, enthalen aus deenen Ursaachen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Also ech stelle fest, dass en Antrag gemaach ginn ass vum Här Rippinger a vum Här Weiler fir déi Motioun un d'Kommissioun ze verweisen. Ech muss natierlech den Deponent, dat ass den Här Krecké gewiescht, froen, ob hien domat d'accord ass.

M. Jeannot Krecké *(LSAP), interpellateur.*- Neen, Här President, et ass och net meng. Meng ass déi éischt Motioun an déi bleift esou wéi se ass. An ech proposéieren och dem Här Rippinger seng ze loosse wéi se ass. Ech menge si war ganz gutt.

M. le Président.- Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Vläicht war ech net kloer genuch. Op jidde Fall, ech wollt näischt um Vote iwwert d'Motiounen änneren. Also, d'Motioune sollen ofgestëmmt ginn. Et ass just déi Fro, déi vum Här Bausch opgeworf ginn ass an déi hie selwer proposéiert huet an d'Kommissioun ze verweisen, déi Propositioun hunn ech opgegraff, fir dass mer dat solle maachen. Dat heescht, iwwert d'Fro vun den d'Etablissements publics solle mer an der nächster Sëtzung no der Vakanz diskutéieren. Awer iwwert d'Motioune kënne mer roueg ofstëmmen.

M. le Président.- Gutt, da stëmme mer elo of iwwert d'Motioun 1, déi jo genügend explizéiert ginn ass.

***Motion 1***

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass ofgeleent mat 39 Stëmme géint 16 an 3 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber (par M. Norbert Haupert), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Aly Jaerling.*

*Se sont abstenus: MM. Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

Da komme mer zur Motioun 2 modifiée.

***Motion 2 modifiée***

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

***(Assentiment)***

***Vote***

Wie fir d'Motioun 2 ass, deen ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Et besteet keen Zweifel, déi grouss Majoritéit ass fir d'Motioun 2.

***Motion 3***

An da komme mer un d'Motioun 3, déi vum Här Graas abruecht ginn ass.

Och e Vote par main levée?

***(Assentiment)***

***Vote***

Wie fir d'Motioun 3 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Et besteet keen Zweifel, déi grouss Majoritéit ass fir d'Motioun 3.

***Motion 4***

Mir kommen un d'Motioun 4, déi vum Här Henckes abruecht ginn ass.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- E Vote électronique, wann ech glift, Här President.

M. le Président.- D'accord.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 4 si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 4 ass mat 47 Nee-Stëmme bei 7 Jo-Stëmmen a 6 Abstentioune verworf.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber (par M. Norbert Haupert), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Dir Dammen an Dir Häre, domat wäre mir um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mueren a fänkt um néng Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 19.36 heures)***

## JEUDI, 3 JUILLET 2003

# 66E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Nico Loes, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. 4944 - Projet de loi portant approbation de l'Accord portant création de l'Organisation Internationale de la Vigne et du Vin, signé à Paris, le 3 avril 2001

   *(Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

2. 5064 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 29 août 1976 portant création de l'Administration des services vétérinaires

   *(Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

3. 4970 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur la conservation des oiseaux d'eau migrateurs d'Afrique-Eurasie, fait à La Haye, le 15 août 1996

   *(Rapport de la Commission de l'Environnement - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

4. 4721 - Projet de loi

   - portant approbation de la Convention de La Haye du 1er juillet 1985 relative à la loi applicable au trust et à sa reconnaissance;
   - portant nouvelle réglementation des contrats fiduciaires, et
   - modifiant la loi du 25 septembre 1905 sur la transcription des droits réels immobiliers

   *(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

5. 4919 - Projet de loi portant modification

   1) de la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice

   2) de la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat

   *(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motion)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden et Luc Frieden, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 9.02 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

Da komme mer zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun iwwert de Projet de loi 4944 iwwert d'Organisation internationale de la vigne et du vin. Et si schonn agedroen: déi Häre Scheuer, Belling a Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

## 1. 4944 - Projet de loi portant approbation de l'Accord portant création de l'Organisation Internationale de la Vigne et du Vin, signé à Paris, le 3 avril 2001

***Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural***

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Organisation internationale de la vigne et du vin huet hir Originen am 19. Jorhonnert, wou verschidden europäesch Staten sech zesummegedoen hate fir 1874 op engem Kongress zu Montpellier iwwert d'Méiglechkeeten ze berode fir der Rieflaus, déi zu där Zäit dem Wäisecteur vill Misär gemaach huet, fir dëser Krankheet Här a Meeschter ze ginn.

Dës Kris iwwerwonnen, sinn am Ufank vum 20. Jorhonnert d'Produktioun an den Handel vu Wäiner op eng anarchesch Aart a Weis ugewuess. D'Konsequenz dovu war, datt sech ganz schnell esou munche Fusel och als Wäi bezeechent huet an op den europäesche Marché komm ass.

Fir dëse Phenomeen wäit gehend awer ze ënnerbannen, si verschidde Kongresser, wéi beispillsweis dee vu Genève 1908 oder vu Paräis 1909 aberuff ginn, fir de Wäinubau an den Handel mat Wäin ze reglementéieren. Mat dëse Moossname wollt een deen Auswüchs vun dësen negativen Entwécklungen Här ginn.

1916 huet sech eng international Konferenz mat verschiddene Wäiproduktiounslänner, ënnert anerem iwwert d'Revisioun vun den Douanestariffer, den Echangen tëschent de Staten, esou wéi iwwert d'Asetze vun engem internationale Gremium, zesummegesat, aus verschiddenen Import- an Exportlänner. Dës Konferenz huet sech doriwwer beroden. Dës Efforten hunn dann 1924 hiren Nidderschlag an der Grënnung vum «Office International du Vin» fonnt, wou Lëtzebuerg als Grënnungsmember fungéiert huet. No dräi Joer konnten déi noutwendeg Ënnerschréften zesummebruecht ginn, wouropshin déi konstituéierend Sëtzung de 5. Dezember 1927 iwwert d'Bühn goe konnt.

D'Arrangement iwwert dësen Office ass duerch d'Gesetz vum 30. Dezember 1927 ratifizéiert ginn. D'Participatioun vun eisem Land an dësem internationale Gremium iwwert de Wäin an de Wäibau ass zu där Zäit an deene concernéierte Milieuen op grouss Zoustëmmung gestouss.

Säitdeem ass den Office international de la vigne et du vin eng intergouvernemental Organisatioun, déi sech virun allem mat den techneschen a wëssenschaftlechen Aspekter vum Wäin a vum Wäibau ausernaner setzt. Dës Bezeechnung ass iwwregens 1958 iwwerholl ginn, nodeems d'Memberstaten dat esou décidéiert hunn. Haut gehéieren net manner wéi 45 Staten - an do muss ech mech liicht verbesseren, ech hunn de schréftleche Rapport nach eng Kéier nogelies, do sti 46 Staten dran. Ech wäert dat dann awer nach redresséiere loossen. 45 State gehéieren dëser Organisatioun un, plus Irland, wat géigewäerteg nëmmen e Beobachterstatus huet. Donieft sinn awer och Regiounen an international Organisatiounen, déi un den Aarbechte vun der OIV deelhuelen.

Dës 45 Memberlänner representéieren haut weltwäit 83% vun der Superficie viticole a stellen ongeféier 95% vun der Produktioun an och der Consommatioun vum Wäin duer.

Här President, ech wëll kuerz op d'Antécédentë vun dësem Projet agoen, deen de 6. Mee 2002 vun der Madame Ausseministesch am Parlament abruecht ginn ass. An der Sëtzung vum 18. Oktober 2002 huet d'Agrar- a Wäibaukommissioun de Rapporteur désignéiert. De Statsrot huet de 4. Juni 2002 e positiven Avis ofginn, op deen ech herno nach kuerz agoe wäert. D'Chambre de l'Agriculture huet am Avis vum 4. Mäerz 2003 hiren Accord iwwert dëse Projet zum Ausdrock bruecht. Well d'Kommissioun awer drop insistéiert huet, fir gewuer ze gi wie Lëtzebuerg an dëse verschiddene Gremië vertrëtt, huet den Agrarminister Fernand Boden an engem Bréif vum 28. November 2002 der Kommissioun d'Nimm en bonne et due forme matgedeelt. De schréftleche Rapport vun der Kommissioun konnt dunn den 18. Juni 2003 analyséiert an och ugeholl ginn.

Duerch de Fait, datt d'Organisation internationale de la vigne et du vin ëmmer nei Aufgaben opgedroe krut, hunn d'Missiounen an déi personal Zesummesetzung vun der Organisatioun, esou wéi d'Objektiver, sech grondleeënde Reforme missen ënnerzéien. Déi véiert Séance vun der OIV huet den 3. Abrëll 2001 en neien Accord ausgeschafft, deen ënnert anerem folgende grousse Modifikatioune Rechnung dréit:

- Déi grouss juristesch, ekonomesch an technesch Froe ginn duerch e Konsensmodus an der Vollversammlung ofgeseent. D'Wiel vum President a vun de Vizepresidenten, vun de Kommissiounspresidenten an de Presidente vun den Ënnerkommissiounen, d'Wiel vum Generaldirekter wéi och d'Décisiounen iwwert de Budget an déi finanziell Zouwendunge vun deenen eenzelne Memberlänner, all dës Décisioune ginn duerch d'qualifizéiert Majoritéit geholl.

- D'Missioune vun der Organisatioun sinn adaptéiert a moderniséiert ginn, fir den heitege Pro-

blemstellungen, mat deenen de Wäibausecteur ze dinn huet, op techneschem a wëssenschaftlechem Plang ze begéinen.

- D'Finanzéirung vun der Organisatioun huet sech grondleeënd geännert. Een Drëttel vum Budget deelt sech op d'Basisstëmme vun all Land op, déi aner zwee Drëttel orientéiere sech un dem Produktiounsvolume vun deenen eenzelne Wäibaulänner an deele sech au prorata esou op.

Wat d'Ännerunge vun den Objektiver ubelaangt, esou versteet sech d'OIV als Organisatioun, déi de Memberstaten op techneschem a wëssenschaftlechem Plang zur Säit steet. Si fungéiert als begleedend Organ bei der ganzer Filière vun der Wäiproduktioun. Dobäi kënnt och nach eng verstäerkten Zesummenaarbecht mat aneren intergouvernementalen an Net-Regierungs-Organisatiounen, déi sech mam Wäibau ausernaner setzen.

An dësem Kontext ass et wesentlech datt d'OIV iwwert déi juristesch Responsabilitéit a Kapassitéit verfügt, déi se vun de Memberlänner iwwerdroe kritt. D'OIV versicht des Weideren déi national an international Normen, déi et bei der Produktioun, der Weiderveraarbechtung vun de Wäiprodukter a beim Handel vu Wäin a sengen Derivater gëtt, ze harmoniséieren. Och d'Promotioun vum Wäin a sengen Derivater gehéiert zum erweiderten Aufgabefeld vun der Organisatioun.

Fir dësen Objektiver awer och gerecht ze ginn, wëllt d'OIV verstäerkt och op d'Fuerschung setzen. D'Erkenntnisser aus dëse Fuerschungsbeméiunge komme selbstverständlech de Memberlänner zegutt.

Dat heescht also, datt d'OIV beméit ass fir d'Recommandatiounen un d'Memberlänner weiderzeginn, an dat ënnert anerem an den Domäner vun de Produktiounsprozeduren, den önologesche Praktiken, der Definitioun an der Descriptioun vun de Wäiner, der Etikettéierung, esou wéi am Beräich och vun den Analysmethoden. Eleng de Comité scientifique et technique kann op d'Mataarbecht vu ronn 800 Expären aus alle Memberstaten zielen.

Doriwwer eraus ass et fir d'OIV eng absolut Noutwendegkeet fir och um Niveau vun der Authenticitéit vun de Wäiner e gewiichtegt Wuert matzeschwätzen. Dat virun allem ass fir de Konsument enorm wichteg. E Konsument, dee selbstverständlech iwwert d'Herkunft vum Wäin, deen en drénkt, wëllt informéiert sinn. Dat souwuel um geographesche Plang wéi och um Niveau vun de Wënzerbetriber. Och wëllt de Konsument iwwert d'Lage vun de Wéngerten, wou d'Drauwe wuessen, informéiert sinn. Hei besti schonns eng ganz Rei vun internationale Réglementatiounen iwwert den Handel an iwwert d'Urheberrechter, déi onbedéngt agehale musse ginn.

Last but not least ass d'OIV drëm beméit fir och um Niveau vun der Liewensmëttelsécherheet eng aktiv Roll ze spillen, an dat virun allem bei der wëssenschaftlecher Iwwerwaachung vun de Produktiounsprocédéen.

Aus all dësen Aspekter eraus gëtt ersichtlech, datt d'Aufgabe vun der OIV villfälteg sinn. D'Participatioun vu Lëtzebuerg an dëse Gremië kann nëmme vun Notze si fir eise Wäibau. Et ass séier wichteg, datt Lëtzebuerg an esou internationale Gremië seng Vuen a seng Iddie vertriede kann.

De Statsrot, Här President, huet keng gréisser Bedenke mat dësem Projet, gëtt awer ze bedenken, datt Lëtzebuerg an d'Lag kënnt gesat ginn, fir zu engem Budget bäizedroen, deen iwwert eng qualifizéiert Majoritéit ofgeseent ginn ass, obschonns Lëtzebuerg en negative Vote dozou hat.

De Conseil d'Etat weist awer an dësem Kontext op de Paragraph 3 vum Artikel 5 hin, deen de Memberstaten d'Méiglechkeet beléisst fir national Interessen unzemellen, am Fall wou dës duerch eng finanziell oder budgetär Entscheedung a Fro gestallt sinn. De Statsrot huet och bedauert, datt weder deen neien, nach deen ale Règlement intérieur vun der OIV dem Projet bäigeluecht war. Dëst Reglement hätt kënnen iwwert d'Gréisstenuerdnung vun de finanziellen Engagementer vun deenen eenzelne Memberstate méi Opschloss ginn.

Ofschléissend, Här President, wëll ech nach ervirhiewen, datt d'Agrarkommissioun den Notze vun dësem Projet unerkannt huet. Och d'CSV-Fraktioun ka sech deem uschléissen. Ech hoffen, Här President, ech konnt d'Chamber iwwert d'Aktivitéite vum OIV an engem ausreechende Mooss hei opklären.

Mam Accord vu menger Fraktioun wëll ech dann och schléissen an lech merci soe fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem de Rapporteur geschwat huet, ass wierklech net méi esou vill dobäizefügen. Ech wëll awer trotzdeem e puer Remarken zu deem Projet maachen.

De Rapporteur huet den Historique vum OIV gemaach. Et ass en Historique, dee geet bis un den Ufank vum 20. Jorhonnert zréck an e weist, datt och deemools scho Bestriewunge bestanen hu fir sech um Niveau vun deem Beruff an och um Niveau vun der Kommerzialisëierung vum Produkt Wäin zesummen ze sëtzen, virun allem well schwéier definéierbar oder net definiéiert war, wat ënnert deem Begréff Wäin ze verstoen ass. An nach haut, wann een a bestëmmte Regioune vun der Welt kënnt, da kritt ee Wäin zerwéiert oder et freet ee Wäin, da kritt een eng Zort vu Maggi zerwéiert oder en anert Produkt, wat mat Wäin iwwerhaapt näischt ze doen huet.

***(Interruptions diverses)***

Fait ass, datt dat Bedürfnis bestanen huet, an datt et eng wirtschaftlech Nécessitéit war fir sech zesummen ze sëtzen an d'Produkt ze definéieren, d'Technik vun der Produktioun ze definéieren, fir och ze reagéieren op Kränkten, déi opgetratt sinn an de Wéngerten an déi de ganze Secteur bedrot hunn. Also war deemools d'OIV schonn e ganz wichtegt Organ iwwert d'Grenze vun deem Land eraus, wou en ugesidelt ass, nämlech am Frankräich.

De Rapporteur huet e Rapport gemaach, dee korrekt ass, dee gutt ass. De Minister an den Direkter vum Institut viti-vinicole hunn eis ageweit an d'Geheimnisser vun der OIV, déi fir mech awer och ganz onbekannt waren. Ech wosst, datt et der géife ginn, mä ech si vläicht am Wäibau net esou gebilt wéi déi meescht Kolleegen, déi heibanne sinn. Ech gestinn da meng Onwëssenheet an, mä de Minister an den Direkter hunn eis awer munch interessant Saache gesot.

***(Interruptions diverses)***

Ech maachen och lifelong learning, mä ech hat d'Impressioun wéi wa munch aner Kolleegen och dovunner profitéiert hätten a wéi wa munch engem eng Luucht opgaangen ass, eng kleng Luucht.

D'Missioune vun der OIV sinn äusserst interessant, a wann een déi éischt Missioun kuckt, esou wéi se definéiert ass, dann erkläert sech doraus schonn d'Noutwendegkeet, datt et esou eng Organisatioun muss ginn, well déi éischt Missioun ass, „réunir, étudier et publier les renseignements de nature à démontrer les effets bienfaisants du vin". Et wier ganz einfach, wann et sech dorobber géif beschränken, mä et gëtt aner Missiounen, déi ganz seriö sinn, wéi zum Beispill d'Qualité hygiénique du vin ze garantéieren.

Et gëtt dann och Missiounen, déi reng technescher Natur sinn, déi sech mam Commerce befaassen, respektiv mat de Méthodes d'analyses, an domadder féiert een och nees d'OIV zréck u seng Urspréng.

Et gëtt en anere Begréff oder en aneren interessanten Abschnitt an där Konventioun, nämlech d'OIV soll de Regierunge Propositiounen ënnerbreeden. D'OIV ass also kee Regierungsorgan, mä et ass en Organ, wat d'Regierunge beréit an zwar am Intérêt vun de Produzenten an och am Intérêt vun de Konsumenten. An deem entspriechen och déi verschidden Unitéiten an déi d'OIV opgedeelt ass.

An dat wier meng Fro un de Minister: Wéi gutt oder wéi intensiv kënne mer nach participéieren un der OIV? Ass et gewënscht, datt mer nëmme vun Zäit zu Zäit dohinner ginn, wann de Sujet eis passt, wa mer mengen, mir hätten Intérêt dru fir an enger bestëmmter Unitéit oder Kommissioun, egal wéi si heescht, ob dat d'Ekonomie ass oder d'Viticulture oder d'Önologie oder d'Dokumentatioun, matzeschaffen,

An dann als Zweet, ech hat am Ufank gesot, datt d'OIV fir mech en onbekannte Land war, wat awer, wann ee sech e bëssen domat beschäftegt, guer net gerechtfäertegt ass. Ech mengen, och hei misst ee méi Öffentlechkeetsaarbecht maachen, och fir ze weisen, datt mer net eng Waibauregioun à part sinn, mä datt mer ze doen hu mat engem ganze Froekomplex, dee sech a munchen anere Länner net anescht stellt wéi zu Lëtzebuerg.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir gitt jo dovunner aus, datt d'LSAP, schonn eleng opgrond vun der éischter Missioun vum der OIV, natierlech dësem Gesetz zoustëmmt.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Belling agedroen. Den Här Belling huet d'Wuert.

M. Jeannot Belling *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, ass e wichtege Projet fir de Lëtzebuerger Wäibau, wéi och fir déi 44 aner Länner, déi der Organisation internationale de la vigne et du vin ugehéieren, dat, well den Accord, deen den Objet vun dësem Gesetzesprojet ass, den Ausdrock vun deem éischte grousse Reformprozess ass, deen eng Organisatioun, där hir Wuerzele bis, wéi mäi Frënd Lucien Clement schonn hei betount huet, bei d'Rieflauskris an den 1870er Joren zréckgeet, elo op d'Erausfuerderunge fir d'Wäiwirtschaft am 21. Jorhonnert virbereet.

Ech wëll net laang op d'Wichtegkeet vun der OIV agoen, dat hu meng Virriedner gemaach, där eist Land scho säit 1924 ugehéiert. D'Memberlänner stelle méi wéi 83% vun der Superficie viticole op der Welt a méi wéi 95% vun der internationaler Produktioun an der Consommatioun vum Wäin.

D'OIV, déi a Kontakt steet mat aneren internationalen Organisatiounen, wéi der Weltgesondheetsorganisatioun oder der Welthandelsorganisatioun, fir nëmmen déi ze nennen, gëtt de Memberlänner d'Richtung un an déi se goe sollen, fir esou wäit wéi méiglech d'Préoccupatioune vun de Wënzer a virun allem de Consommateure Rechnung ze droen.

Si steet deenen aneren Organisatiounen, déi op der Welt an der Wäinindustrie schaffen, mat Rot an Dot zur Säit an ass eng grouss Referenz an der Recherche iwwert de Wäibau an iwwert d'Wäiwirtschaft, déi vun iwwer 800 Expären an de Memberlänner duerchgefouert gëtt.

Virun allem ass et hir Missioun zur Harmoniséierung vun de Praktiken an den Normen am internationale Wäibau bäizedroen an nei Normen auszeschaffen, fir d'Produktioun an d'Commercialisatioun vun de Produiten aus dem Wäibau ënner korrekten Ëmstänn.

Dat ass kapital, well nach ëmmer Produkter op de Maart gelaangen, an dat ass och schonn hei gesot ginn, wou ee wierklech net weess wou se hierkommen a wat et iwwerhaapt ass wat ee sech do an d'Gesiicht gehäit. Zumindest soll et no Wäi schmaachen, mä dat weess een net ëmmer.

De Kampf géint d'Fraude ass also, an esou war et scho bei der Grënnung vun der OIV am Joer 1924, eng vun de wichtegste Missioune vun der Organisatioun. Wien d'Fraude bekämpfe wëllt, dee muss reglementéieren, Appellatiounen an Zertifikater verginn, d'Conditions de mise sur le marché, wéi och d'Produktiounskonditioune kloer definéieren, fir dem Consommateur kënnen eng maximal Garantie ze ginn, dass dat wat op der Këscht oder op der Fläsch steet och wierklech dran ass.

D'OIV gëtt hei d'Richtung un. Si muss et maachen am Dialog mat de Memberlänner an de spezifesche Situatioune vun de Memberlänner Rechnung droen. Et ass menger Meenung no ze évitéieren, dass hei iwwerreglementéiert gëtt, an dass d'Wënzer stänneg mat neien Oploe musse rechne fir conforme ze sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng vun den Haapterneierunge vum Accord, dass all Décisiounen iwwer Normen, all Resolutioune wëssenschaftlecher, technescher, wirtschaftlecher a juristescher Natur elo am Konsens an der Assemblée générale getraff ginn. De Modus vun der Majorité qualifiée gëtt agesat, wann een de President, de Generaldirekter, de President vun der Kommissioun oder de Sous-Kommissioune wielt an och beim Vote vum Budget.

De Statsrot huet a sengem Avis d'Fro gestallt, ob mat deem System do Lëtzebuerg net a Contributioune gedrängt gëtt, déi mat de Besoinë vun eisem Wäibau näischt ze dinn hunn. Den Accord gesäit dofir allerdéngs och vir, dass Décisiounen, déi géint essentiell Interesse vun engem Land verstoussen, kënne vun deem Land reportéiert oder blockéiert ginn. D'Matsproocherecht vu Lëtzebuerg an der grousser internationaler OIV ass also geséchert.

Et ass kloer, am Verglach mat anere Membere vun der Organisatioun, ka Lëtzebuerg nëmme mat enger klenger Produktioun opwaarden. Et ass eng kleng Produktioun, mä eng fein bekömmlech Produktioun, wou d'Qualitéit säit 1935 duerch d'Schafung vun der Marque nationale ënner staatlecher Kontroll garantéiert ass.

D'Suerg ëm d'Qualitéit ass de Motto vun der Wäiwirtschaft haut. Fir eis Wënzer, natierlech och fir d'Consommateuren, déi ëmmer besser informéiert ginn, ass et evident, dass se mussen an déi Richtung zéien.

D'OIV mécht et hinne jiddefalls wesentlech méi liicht fir an déi Richtung kënnen ze zéien. D'Garantie, dass d'Éierlechkeet vum Produkt erhale gëtt, ass vun enormer Wichtegkeet fir de Konsument a virun allem och fir de Wënzer. Bei deem ganze Reglementéiere muss awer d'Authenticitéit a virun allem d'Spezifissitéit vun deenen eenzelne Regiounen erhale bleiwen. Et däerf net dozou féieren, dass de Wäin, deen en héije Stellewäert an eiser Kultur huet, wéi en industriell hiergestallte Produkt ugebuede gëtt an och an der ganzer Welt d'selwecht schmaacht. Well et ass ëmmerhin en Naturprodukt, dee seng Originen am Wéngert huet an d'Produktioun vun deem Wäibau hu weltwäit vill Leit ënner net ëmmer ganz liichte Konditiounen zu hirem Handwierk gemaach.

Dofir mengen ech, dass een d'Räichwäit vun dësem Projet de loi fir d'Weiderentwécklung vun eisem Wäibau soll korrekt appréciéieren. An deem Sënn freeën ech mech, an do sinn ech net der Meenung vu menge Virriedner, elo schonn op deen nächste Patt mam Maggy a bréngen hei d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun fir dëse wichtege Gesetzesprojet.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur Luss Clement huet hei den Historique gemaach an hien huet d'Missiounen an d'Ziler vun dësem Projet de loi in extenso duergeluecht, esou datt ech mech hidde wäert nach weider am Detail dorop anzegoen.

Mä ech mengen, et sinn awer e puer Froen, déi ee sech hei muss stellen an eng éischt Fro ass fir eis: Wat kascht et a wat bréngt et Lëtzebuerg konkret? Ass dat hei e grousse Schrëtt fir d'Rettung vum Lëtzebuerger Wäibau, vun deem mer wëssen, datt en de Moment net an deene beschten Dicher stécht?

Här President, eng Kostennutzenanalys fanne mer net, déi wier wahrscheinlech och schwéier opzestellen. An trotzdeem däerf een d'Fro stellen: Wat kascht et? Wann een dat probéiert erauszefannen, da fënnt een an den Dokumenter eng komplizéiert Formule. Et liest een awer och eraus, datt et ofhängeg ass vum Budget, dee vun der Generalversammlung arrêtéiert gëtt a vun der Zuel vun de Memberen natierlech, déi an der Organisatioun sinn a vun dem Koeffizient, deen do zur Uwendung kënnt. Iwwert de reelle Chiffer, dee mer ze bezuele kréien, steet am Projet an och am Rapport eigentlech näischt, an ech fannen dat iergendwéi net seriö.

Et ass och contraire zu enger Resolutioun, déi dës Chamber eng Kéier geholl huet, déi sech vläicht méi op Investitiounsprojete bezitt, mä wou een awer kënnt soen, am Prinzip misst all Gesetz wat eng finanziell Inzidenz huet, och ugi wat dann tatsächlech aus dem Statsbudget all Joers muss fir dee Projet do opbruecht ginn.

D'Kritik vum Statsrot an där Bezéiung geet, wann och net ganz konkret, dach awer deelweis an déi Richtung. An et stellt ee sech d'Fro, wie geet schonn als Privatpersoun an e Veräin, wou hien net weess wéi héich d'Cotisatioun ass. Et ass eis allerdéngs an der Kommissioun gesot ginn op Nofro, et wieren ongeféier 11.000 Euro am Joer, loosse mer emol soe 450.000 Frang, wéi mer dat nach gewinnt sinn. Do kënnt selbstverständlech nach alles dobäi wat zousätzlech Fräe sinn, nämlech och d'Käschte vun deene Leit, déi op déi Réuniounen do fueren.

Da kënnt déi zweet Fro: Wat bréngt et? D'Fuerschung selwer gëtt net um Niveau vun der OIV gemaach. D'OIV stellt d'Regelen op, déi natierlech nëtzlech an deelweis och noutwendeg sinn. D'Fuerschung gëtt natierlech an deene groussen Zentre gemaach, do wou de Wäibau eng grouss Bedeitung huet, do wou en och normalerweis eng grouss Traditioun huet an et ass esou, och wa mir hei zu Lëtzebuerg am Institut deelweis esou Saache maachen, datt mer awer op d'international Zesummenaarbecht ugewise sinn. Dat ass awer

ganz sécher net direkt hei d'Fro vun der OIV, mä dat ass méi eng Fro vu bilateraler Zesummenaarbecht, wou mer traditionell jo vill mat de Fransousen an och mat Däitschland zesummeschaffen.

Kënne mer eis et leeschte fir net dobäi ze sinn? Et gëtt Länner, ech hunn dat an der Kommissioun och opgeworf, wéi d'USA, d'Madeleine Albright herself huet geschriwwen, si géingen elo austrieden, si hätten es genuch. Anscheinend, ass eis gesot ginn, wëllten se dann awer elo erëm bäitrieden. Et liest een och, datt Länner mat de Cotisatiounen esou am Réckstand wären, datt de Fonctionnement vun der Organisatioun seriö a Fro gestallt wär. Da muss ee sech awer och d'Fro stellen: Wat ass dat fir e Veräin a sinn do nach vill aner Länner der Meenung, datt déi Nëtzlechkeet dach awer limitéiert wär, wa si hir Cotisatiounen net bezuelen?

Wat huet de Lëtzebuerger Wäibau dovun? D'Qualitéit vun eisem Wäin ass, Gott sei Dank, an dat muss een héich unerkennen, an de leschte Jore ganz staark verbessert ginn. Dat ass, wéi ech schonn ugedeit hunn, net de Verdéngscht vun der OIV, mä vun der Verbesserung vun de Methoden, souwuel am Wéngert, wéi am Keller, déi ganz vill op bilateral Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschlänner berouen.

Wat passéiert, Här President, an der Realitéit hei an eisem Wäisecteur? Mir stelle fest déi lescht Joren an do gëtt et Chiffres à l'appui am Rapport vum Landwirtschaftsministère, datt eise Maart ëmmer méi iwwerschwemmt gëtt vu Wäin, vu Wäiprodukter aus der ganzer Welt. Dat geet vu Chile bis Südafrika, ech géing bal soen iwwert den Nordpol, fannt Der alles an de Supermarchéen niewent eisen indigënë Wäiner leien, schéin opgemaach zu Präisser, wou de Lëtzebuerger Wäin a ville Fäll net mathale kann.

Keen dobausse freet ënner wat fir Konditiounen dëse Wäi produzéiert ginn ass, an do komme mer op eng Diskussioun, déi vläicht hei e bëssen noschwäift, mä déi dach awer muss an dësem Zesummenhank gestallt ginn, well et jo hei ëm eng international Organisatioun geet.

Här President, bal iwwerall hu mer Regelen, hu mer an eisem Land Normen, Normes de protection, déi applizéiert ginn. Ech fänken u mam Secteur public. Et géing kengem Mënsch afale fir ze soen, d'Plaze beim Stat a bei de Gemenge géingen elo international fräi ausgeschriwwe ginn an dee Bëllegsten kënnt dann hei déi Plaze kréien. Do krite mer en Opstand, dat géing och net goen.

Mir hunn am Privatsecteur Normen, d'Normes de protection, Gott sei Dank fir d'Arbeitnehmer, déi musse strikt respektéiert ginn. Dat huet derzou gefouert, datt déi Leit, déi als sou genannt Hierschtleit an d'Wéngerte schaffe kommen, och mussen zum lëtzebuergesche Mindestloun bezuelt ginn. De Wäin, deen awer aus deene Länner heihinner kënnt, do ass kee Mënsch, dee freet ob déi Leit, déi dohannen an de Wéngerte geschafft hunn, och hu misse mat deemselwechte Mindestloun bezuelt ginn. Ech mengen doraus ergëtt sech eng Situatioun, déi net richteg ass, déi total an Défaveur vum Lëtzebuerger Wäibau ass.

Och ökologesch Normen, déi, Gott sei Dank muss ee soen, besonnesch an der Europäescher Unioun an och hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi contraignant ginn. Eis Wënzer bekloe sech deelweis souguer driwwer, Här Minister, datt se Sprëtzmëttelen net däerften asetzen hei zu Lëtzebuerg, déi awer direkt déi Säit vun eise Grenzen erlaabt sinn. Mä mer wëssen, datt et ëmmer méi streng gëtt, datt mat groussem Käschtenopwand, mat biologesche Methode geschafft gëtt, wat eng gutt Saach ass.

Et freet awer keen, ob deen chileneschen oder dee südafrikanesche Wäin, deen hei gläichberechtegt niewent dem Lëtzebuerger Wäin an de Regaler läit, och ënnert deene Konditiounen huet misse produzéiert ginn. Dat ass de reelle Problem mat deem de Lëtzebuerger Wäibau konfrontéiert ass. Hei gëtt ganz däitlech mat zweeërlee Mooss a Gewiichter geschafft. Lëtzebuerg huet en héije Liewensstandard, dat ass gutt, mä mir hunn awer och doraus resultéierend héich Käschten, mir hunn op där anerer Säit e fräie Maart. Dat ass en Nonsens, dat ass e Widdersproch a sech, woumat eise Wäibau op d'längst net liewe kann.

***(Interruption)***

Et ass virun allem, Här Scheuer, de landwirtschaftleche Secteur, deen dovunner betraff ass.

Dat erkläert sech och aus der Tatsaach, datt déi Länner, déi natierlech bestrieft sinn, an zu Recht bestrieft sinn, fir op d'europäesch Mäert ze kommen, do wou vill Kafkraaft ass, probéieren heihinner ze drécken, well se och net vill aneschters unzebidden hu wéi Basisprodukter, wéi Produkter, déi vum Buedem kommen, déi aus der Agriculture an aus der Viticulture kommen.

An et muss ee sech d'Fro stellen, ob dann, Här Minister, mir hu jo och schonn an der Agrarkommissioun doriwwer diskutéiert, datt natierlech Drock op d'Europäesch Communautéit gemaach gëtt fir hir Mäert opzemaachen, a wou dann och am Ministerrot gemengt gëtt mir missten dat maachen a mir kënnten eis do net verspären am Kader vun der WTO. Mä et kann dach net sinn, datt weltwäit d'Entwécklungspolitik op Käschte vun de Baueren a vun de Wënzer gemaach gëtt. Dat geet souwisou an der gesamter Mass vun der Entwécklungspolitik net op.

Den Dokter Radermacher, deen d'lescht Joer bei de Jongbaueren a Jongwënzer war, dee sech intensiv mat där Problematik befaasst huet, huet gesot, datt déi entwéckelt Länner kontinuierlech missten 2% vun hirem PIB an déi ënnerentwéckelt Länner, fir et emol pauschal ze soen, transféréiere während enger ganzer Zäit, fir den Aarmutt aus der Welt ze verbannen. Dat kann net doduerch geschéien, datt mer exklusiv d'Mäert bei den Agrarprodukten opmaachen.

Et wär gutt, Här President, wann d'OIV an hirem Statut stoen hätt, datt se sech och géing ëm déi Problemer bekëmmeren. Mir wëssen awer, datt dat wäit, wäit iwwert d'Missioun vun der OIV, wéi se definéiert ass, oder wéi se am Statut festgehalen ass, erausgeet. Dat ass dofir och net de Fall. Mä de Problem bleift bestoen an ech hoffen, datt eis Vertrieder vu Lëtzebuerg, wa se dann dohinner ginn an iwwer Norme schwätzen, och iwwert déi aner Norme schwätzen, ënnert deene produzéiert gëtt, fir datt déi Concurrence déloyale, déi sech an eise Geschäfter, an eise Supermarchéen ofspillt, op d'mannst net méi esou schro ass wéi se de Moment ass.

Här President, ech - a mir als Fraktioun - si vun der Noutwendegkeet vun der Memberschaft an der OIV net esou schrecklech iwwerzeegt, an och aus där Situatioun eraus, déi ech elo geschildert hunn, aus där Onzefriddenheet an aus eisem Désaccord mat der jëtzeger Situatioun eraus, wëlle mir eis bei dësem Projet enthalen.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Et ass keen Diskussiounsriedner méi agedroen. Da gi mer d'Wuert un de Wäibau- a Landwirtschaftsminister Fernand Boden.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn natierlech ganz frou, datt mat Ausnahm vun der ADR-Fraktioun, déi sech jo wëllt enthalen, dëse Projet eng ganz grouss a breet Zoustëmmung hei an der Chamber fënnt. Duerch dëse Projet gëtt jo den Accord vum 3. Abrëll 2001 iwwert d'Organisation internationale de la vigne et du vin, den OIV wéi e genannt gëtt, approuvéiert.

Et ass och schonn drop higewise ginn, datt Lëtzebuerg zu de Grënnungsmembere vum OIV gehéiert, an dat zënter 1924, an et ass och drop higewise ginn, datt den OIV scho weltwäit eppes duerstellt, datt e 45 Memberstaten a senge Reien zielt, datt den OIV ronn 83% vum Wäibauareal op der Welt representéiert a méi wéi 95% vun der Weltproduktioun a vun der Weltconsommatioun. Dat e bësse fir de Stellewäert vum OIV ze dokumentéieren. Et ass och kloer, datt den OIV, och wann e vläicht net genügend bekannt ass hei zu Lëtzebuerg, en intergouvernementalen Organismus ass, dee virun allem e wëssenschaftlechen an technesche Charakter huet. Dësen Organismus huet eng international unerkannte Kompetenz an alle Froen, déi iwwert de Wäibau an déi mat dem Wäin ze dinn hunn, an dat esouwuel am Intérêt vun de Produzente wéi och vun de Konsumenten, dat ass jo hei ënnerstrach ginn.

An ech mengen et wär wichteg a wesentlech, datt Lëtzebuerg an dësem internationale Gremium vertratt ass, an ech kann net d'accord si mat den Ausféierungen oder mat der Skepsis, déi den Här Mehlen hei dokumentéiert huet. Ech mengen, mir dierfen eis international net isoléieren, a besonnesch wann een a punkto Welthandel kuckt, da muss ee frou sinn, datt et Organismë ginn, déi international Kompetenz hunn, wéi den OIV, deen dofir suergt, datt de Welthandel nach a gewëssene Regelen an no gewëssene Spillregele fonctionnéiert, wat de Wäibau an de Wäin ubelaangt.

Ech menge schon, datt et wichteg ass, datt mer an deene Gremien derbäi sinn, datt mer kucken um leschte Stand ze bleiwen, datt mer versiche fir eben och do d'Lëtzebuerger Intérêten esou gutt wéi méiglech ze vertrieden. Mir sinn, dat wëll ech dem Här Scheuer soen, vertratt am Comité exécutif, mir ginn dohinner wa Problemer diskutéiert ginn, wou mer mengen, datt mer eppes kënnten derbäiléieren, déi wichteg fir eis sinn. Esou zum Beispill an der Problematik vun der Önologie. Also ech menge schon, datt et falsch wier fir aus deem Gremium eraus ze goen.

Den Här Mehlen huet vun Amerika geschwat, ech mengen den Direkter Weydert huet Iech an der Kommissioun erkläert woufir d'Amerikaner ee Moment erausgaange sinn, elo awer erëm erakommen. Dat huet näischt mat der Kompetenz ze dinn, et huet mat ganz anere méi Terre-à-terre-Problemer ze dinn.

Et ass keen, deen d'Kompetenz vum OIV unzweifelt, dofir mengen ech schon, datt et wichteg wier, datt mer och dokumentéieren, datt mer wëlle weider an deem Gremium bleiwen. Ech mengen dofir wär et och wichteg, datt mer dësen Accord vum 3. Abrëll 2001, deen am Fong dem OIV besser Aarbechtsméiglechkeete gëtt, hei an der Chamber guttheeschen.

Et ass nämlech esou, datt elo haut scho 27 Memberstaten dësen Accord ratifizéiert oder approuvéiert hunn, an deen Accord trëtt a Kraaft wann 31 Memberstaten dat gemaach hunn, an dat soll bis spéitstens den 31. Dezember vun dësem Joer de Fall sinn, an et wär net glécklech wa Lëtzebuerg net dozou géif bäidroen, datt e méiglechst schnell kann a Kraaft trieden.

Et ass och vum Règlement d'ordre intérieur geschwat ginn. Ech mengen de Rapporteur Lucien Clement, deem ech och merci soe fir säi Rapport, huet déi Problematik opgeworf. De Statsrot hat och kuerz doriwwer geschriwwen. Dee Règlement d'ordre intérieur wäert am Laf vun 2004 veröffentlecht ginn, an och do ass déi finanziell Belaaschtung, déi esou e bëssen an de Raum gestallt gëtt, awer net ganz gravéierend. Wa Lëtzebuerg dovunner géif Faillite goen, ech mengen da misste mer mat ganz vill anere Saachen ophalen. Déi finanziell Belaaschtung, déi war elo ronn 12.000 Euro pro Joer, déi wäert, no de Berechnungen, déi gemaach gi sinn, ronn 15.000 Euro pro Joer sinn.

Also ech mengen net, datt dat de Lëtzebuerger Stat géif ruinéieren, a wann elo nach e puer Leit aus dem Wäibauinstitut 2-, 3-mol op Paräis fuere fir do a Réuniounen ze sinn, dann ass dat och eppes wat éischter positiv wéi negativ ass. Dofir sinn ech frou, datt trotz allem déi meescht Leit hei d'Wichtegkeet unerkennen, fir datt mer an dem OIV vertratt sinn, datt mer do matschaffen, em eng besser Schaffensbasis ginn, an dofir merci fir dee groussen Accord, déi grouss Zoustëmmung, déi dëse Projet fonnt huet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi 4944 ass mat 48 Jo-Stëmmen a 7 Enthalungen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Patrick Santer), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Norbert Haupert) et Claude Wiseler (par M. Marco Schank);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par Mme Simone Beissel), Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Théo Stendebach), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer (par Mme Maggy Nagel) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Lucien Lux (par M. Jos Scheuer), Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5064 iwwert d'Schafung vun der Administration des Services vétérinaires. Et sinn agedroen: den Här Wohlfart, d'Madame Nagel an den Här Mehlen. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

## 2. 5064 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 29 août 1976 portant création de l'Administration des services vétérinaires

***Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural***

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi an den 80er Joren déi éischt Liewensmëttelskandaler opgedeckt gi sinn, do konnt nach kee virausgesinn, datt dat nëmmen den Ufank vun enger Kette vu Krisen duerstelle géif, vu Skandaler, déi sech als séier schicksalhaft fir déi europäesch Agrarwirtschaft erweise sollten, an déi och Ausmoossen ugeholl hunn, wéi mer der bis dato nach net kannt hunn.

De Volume vun den Ausmoosse gëllt esouwuel fir dee finanzielle Volet wéi och fir dat doduerch verluere gaangend Vertraue vum Konsument an déi verschidden Agrarprodukter. Hormonfleesch, gepanschten Uelecher a Wäiner, Listeriose, d'Fiddere vun den Déiere mat Antibiotiquen, mat Dioxin contaminéiert Gefligel, d'Schwéngspescht an net zu Lescht BSE an och d'Maul- und Klauenseuch haten d'Vertraue vum Konsument an déi europäesch Agrar- a Liewensmëttelproduktioun nohalteg zerstéiert.

De Secteur selwer an d'Politik op europäeschem wéi och op nationalem Plang ware gefuerdert, fir eng Agrarproduktioun ze garantéieren, déi fir de Konsument bedenkenlos ass an déi sech dauerhaft op engem qualitativ héijen Niveau géif halen.

Och zu Lëtzebuerg huet sech d'Politik misse Gedanke maache fir déi Mesuren an d'Weeër ze leeden, déi d'Vertraue vum Konsument erëm hierstelle sollten. Am Juli 2001 huet sech dëst Haus mat der Problematik vun der Liewensmëttelsécherheet a mat der Zukunft vun der Agrarlandschaft en tant que telle beschäftegt.

Am Rapport vun der parlamentarescher Agrarkommissioun goufen eng ganz Rei vu Pisten opgezeechent a Konklusioune festgehalen, déi haut fir d'Ëmsetzung vun dëser Politik wichteg Bausteng duerstellen. Dat Gesetz, wat mir elo diskutéieren ass eng vun de Suiten, déi mer dëser Debatt wëlle ginn.

Et ass gewosst, Här President, datt d'Administration des services vétérinaires um Niveau vun der Santé publique eng ganz wichteg Roll spillt an um Niveau vum Lëtzebuerger Agrarsecteur net méi ewechzedenken ass. De Volume vun de Kontrollen huet an deene leschte Joren zolidd augmentéiert. Et geet u bei de Kontrollen iwwert de Bienêtre des animaux um Bauerenhaff selwer. Am Schluechthaus gëtt d'Véi eng zweete Kéier am liewegen Zoustand an duerno selbstverständlech och a geschluechtenem Zoustand kontrolléiert. Och den Transport vum Véi fält ënnert dës Kontrollen. Weider Missioune vun der Vétérinairesinspectioun sinn d'Kontrolle vun alle Liewensmëttelen, déi d'origine animale sinn. Dat betrëfft iwwert d'Produktioun eraus déi ganz Filièren, déi d'Liewensmëttel a sech

duerchlafen, souzesoen de l'étable à la table.

D'Agrarkommissioun ass am Juli 2001 ënnert anerem zum Schluss komm, datt d'Vétérinairesverwaltung net genügend Personal zur Verfügung hätt fir dësen Aufgaben, déi sech an deene leschte Méint nach erweidert hunn, gerecht ze ginn.

2002 huet d'Administration des services vétérinaires hiert Personal zousätzlech mat véier Vétérinairen opgestockt, déi «hors cadre, faute de base légale adaptée» nominéiert goufen. Doriwwer eraus wëll ech preziséieren, datt den aktuelle System fir op temporaire Vacataire zréckzegräifen u sech wahrscheinlech de Stat méi deier gëtt wéi Vétérinairen, déi als Fonctionnaire à plein temps agestallt sinn.

De virleiende Gesetzesprojet gesäit vir d'Paragraphen 1 an 2 vum Artikel 5 aus dem Gesetz vum 29. August 1976 iwwert d'Schafung vun der Administration des services vétérinaires ofzeänneren. D'Gesetz vun 1976 ass schonns emol duerch d'Gesetz vum 28. Dezember 1992 iwwert d'Inspektioun vun dem Fleesch an de Fleeschprodukter modifizéiert ginn.

Et sinn, Här President, zwou grouss Ännerungen, déi dësem Projet zu Grond leien. Mat där enger ass d'Gesamtzuel vun de Plazen an der Carrière supérieure net méi op 14 Unitéite limitéiert, an zum aneren ass d'Gesamtzuel vun de Laboranten net méi op sechs limitéiert.

Ier ech op dat erweidert Aufgabefeld vun der Administration des services vétérinaires zréckkomme wëll, wëll ech kuerz op d'Antécédentë vun dësem Gesetz agoen.

Den 9. Dezember 2002 huet de Landwirtschaftsminister Fernand Boden de Gesetzesprojet 5064 an der Chamber deponéiert. An der Sëtzung vum 27. Februar 2003 huet d'Agrarkommissioun hire Rapporteur zu dësem Text designéiert. De Statsrot fir säin Deel huet säin Avis den 3. Juni 2003 ofginn. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet den 13. Dezember 2002 hiren Avis zu dësem Text ofginn. Den Avis vum Collège des Vétérinaires, op deen ech herno awer nach eng Kéier wëll zréckkommen, ass den 19. September erakomm. Last but not least huet d'Agrarkommissioun de schréftleche Rapport an der Sitzung vum 18. Juni analyséiert an och adoptéiert.

Ech mengen, datt et wichteg ass ervirzehiewen, datt sech d'Aufgabefeld vun der Administration des Services vétérinaires an de leschte Joren erweidert huet, an dat net nëmme wéinst de Skandaler, déi déi europäesch Liewensmëttelbranche erschüttert hunn, mä och am Kontext vun der Santé animale ass d'Vétérinairesadministratioun an de leschte Méint virun enorm Erausfuerderunge gestallt ginn. Ech denken do beispillsweis un d'Maul- und Klauenseuch, esou wéi un d'Schwéngspescht, d'Gefligelpescht. Fir dës Epidemien effikass kënnen anzedämmen an och ze bekämpfe waren eng ganz Rei vu Schutzmoossnamen a selbstverständlech och eng ganz Rei vun zousätzleche Kontrollen noutwendeg ginn, déi vun der Vétérinairesadministratioun hu missen duerchgefouert ginn.

An de leschte Joren ass den Handel mat Déiere rasant an d'Luucht gaangen. Et ass eng Tatsaach, datt grad de globaliséierten Handel mat Déieren, deenen hiert Fleesch fir de mënschleche Konsum bestëmmt ass, de Risiko vum Ausbroch vun Epidemien nach erhéicht huet an och nach erhéije wäert. Dobäi kënnt nach en anere Risiko, deen an deene leschte Wochen a Méint d'Aktualitéit bestëmmt huet. Duerch den Ausbroch vum SARS sinn d'Geforen däitlech ginn, déi am Zesummeliewen op engstem Raum vu Mënsch an Déier bestinn. Och wann dës Krankheet an de leschte Wochen eenegermoossen agedämmt konnt ginn, esou ass d'Mënschheet dach awer net gefeit géint d'Apparitioun vun neien Epidemien, déi sech vum Béischt op de Mënsch iwwerdroe kënnen.

Fir dëser Gefor mat engem effikasse Schutzschëld entgéint ze trieden, brauchen eis spezialiséiert Agencen an Autoritéiten heiheem an och soss wou an Europa dat néidegt qualifizéiert Personal fir dësen Aufgabe kënne gerecht ze ginn.

Och am Domän vum Déiereschutz huet sech virun allem op europäeschem Niveau an de leschte Jore villes um legislative Plang gedoen. D'Anhale vun dëse Bestëmmungen erfuerdert dofir verstäerkt Kontrollen um Terrain an dat net zu Lescht, well den aktiven Déiereschutz haut e wichtege Bestanddeel am Kontext vun enger integréierter Approche zur Liewensmëttelsécherheet duerstellt.

Zum Schluss wëll ech nach drop hiweisen, datt aus dësen Aufgabestellungen eraus d'Noutwendegkeet gewuess ass, fir op europäeschem Niveau, dat heescht an de spezialiséierte Gremië wéi dem Conseil oder wéi der Kommissioun, present ze sinn, fir d'Interessen an d'Uleiësse vu Lëtzebuerg ze vertrieden.

Mir wëssen alleguer, datt vill, fir net ze soe bal all, Décisiounen op communautairem Plang an dëse Gremië geholl ginn. Zum géigewäertegen Zäitpunkt ass et der Administration des services vétérinaires net méiglech fir ëmmer an iwwerall Lëtzebuerg ze vertrieden, also ass et och aus dëser Vue net vu Muttwëll fir d'Administration des services vétérinaires personell opzestocken.

De Collège des Vétérinaires begréisst ausdrécklech den Objet vun dësem Projet, gëtt awer gläichzäiteg ze verstoen, datt am Kontext vun de ville Kontrollen, déi mussen ausgefouert ginn, et noutwendeg wier, fir och weiderhin op sou genannten Agents sanitaires zréckzegräifen, wéi dat beispillsweis bei der Inspection sanitaire vun der Santé schonns de Fall ass.

Zu gudder Lescht wëll ech ervirhiewen, datt de Statsrot a sengem Avis keng Bedenken zu dësem Projet hat.

Här President, aus all deem ergëtt sech fir d'CSV-Fraktioun d'Konklusioun, datt dat hei e wichtege Projet ass, fir de Konklusiounen, déi mer am Kader vun der Debatt iwwert d'Liewensmëttelsécherheet am Juli 2001 gezunn hunn, och eng praktesch Applicatioun ze ginn.

Ech wëll dofir zum Schluss den Accord vu menger Fraktioun ginn a merci soe fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Den Här Georges Wohlfart ass als éischten Diskussiounsriedner agedroen a kritt domadder d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Georges Wohlfart *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt virop och dem Rapporteur merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, dee jo, géif ech soen, ons alleguer virgeluecht huet ëm wat et hei geet.

Et ass e wichtege Projet, dee mer haut diskutéieren, och wann et vläicht net esou vu jidderengem gesi gëtt. Mir hunn an deene leschten zwee Joer an dësem Haus méi wéi eng Kéier iwwert d'Problemer, déi direkt an och indirekt mat der Liewensmëttelsécherheet ze dinn hunn, konnten diskutéieren. Och de Rapporteur huet drop higewisen, dass mer am Juli 2001, nodeem mer an deene Méint virdrun e grouss ugeluechten Hearing hate mat allen Interesséierte vum Secteur, déi do gelauschtert gi sinn, déi hir Kriticke konnten ubréngen an och hir Virschléi, de Rapport ugeholl ginn ass an der zoustänneger Kommissioun mat enger Rei Konklusiounen an ech mengen dëse Projet de loi ass de logesche Suivi vun deem wat mer deemools hei décidéiert hunn, dat heescht, d'Opstockung vum Personal, dat néideg ass fir d'Kontrollen um Terrain virzehuelen.

Den Exposé des motifs ënnersträicht dës Tatsaach zur Genüge. Ech wëll also net heirop agoen, mä ech wëll zwee Punkten ervirsträichen. Och de Rapporteur huet déi zum Deel ugeschnidden.

Ech mengen, d'Globalisatioun vum Wuerenaustausch, och um Secteur vun de Liewensmëttel an um Secteur vun dem Transport vun de Béischte mat zum Deel, géif ech soen, schonn abstruse Situatiounen, wann een nëmme kuckt wat fir Distanzen heiansdo zréckgeluecht ginn, fir dass do kann iergendwéi deen Handel iwwerhaapt enstoen, bréngt et mat sech, dass ëmmer méi d'Gefor vun den Epidemien, déi mer an deene leschte Jore kannt hunn, zouhëlt.

Ech sinn der Meenung, dass een net soll dramatiséieren, mä wann een awer kuckt wéi vill Problemer an der Europäescher Unioun déi lescht Jore waren an och ëmmer méi kuerz Intervallen do matgespillt hunn, da weess een, dass d'Suerg vun deene Leit um Terrain, och vun de Veterinärsinspekteren, dass an der Zukunft nei Skandaler virprogramméiert sinn, dass déi net vun der Hand ze weisen ass. Also ass et wichteg, dass mer ons déi néideg Mëttele ginn um Plang vun der Preventioun fir kënnen aktiv anzegräifen an net nëmmen, wéi dat bis elo zum Deel de Fall war, anzegräifen, wann akut Krise bestanen hunn, déi souwisou de grousse Schued bruecht hu fir de Produzent, mä och ëmmer erëm op en Neits, géif ech soen, d'Vertraue vum Konsument erschüttert hunn.

De Risiko vun neien Epidemien ass also an deene leschte Wochen a Méint och drastesch virun A gefouert gi mat der Problematik vun der SARS, an ech sinn der Meenung, dass, och wa momentan Entwarnung ass, mer erëm musse wachsam bleiwe fir an Zukunft ähnleche Situatiounen ze begéinen.

Zweetens hu mir virdrun hei diskutéiert iwwert d'Opportunitéit vun der Presenz vu Lëtzebuerg a verschiddenen internationalen Organer. Ech wëll net dorobber zréckkommen. Ech sinn der Meenung, dass et wichteg ass, dass mer an Zukunft och zu Bréissel, net nëmme wéi bis elo selektiv, well mer d'Leit net haten, a verschidde Comitéen derbäi sinn, mä dass mer versichen esou gutt wéi méiglech vertrueden ze sinn. Well d'Problematik vun där mer hei schwätze gëtt sécherlech net méi kleng wa mer zu 25 sinn. Dat muss ee sech ganz kloer virun Ae féieren an dofir mengen ech, ass et och wichteg, dass Lëtzebuerg an deene Gremien zu Bréissel net nëmmen um Niveau Ministerrot, mä och scho virdru present ass, fir u wichtegen Diskussioune kënnen deelzehuelen.

Dofir ass et fir mech a meng Fraktioun iwwerhaapt kee Problem, aus deene Grënn, déi ech lech duergeluecht hunn, hei d'Zoustëmmung ze gi vun eiser Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet. Dat ass fir mech evident an ech wëll och nach eng Kéier dat ënnersträiche wat am Avis vum Collège des Vétérinaires steet, dat heescht, dass se gär hätten, dass am Kader vun dëser Reform se méi Ënnerstëtzung kréien duerch d'Agence sanitaire, déi hinne kënnt en Deel vun der Aarbecht ofhuelen, well jo ëmmer méi Analyse musse gemaach ginn. An ech mengen, wat op där enger Säit an der Divisioun vun der Inspection sanitaire vun der Gesondheet méiglech ass, misst jo och hei an dësem Fall méiglech sinn. Also wéi gesot, insgesamt e positive Schrëtt an déi richteg Richtung.

Ech muss awer, Här President, trotzdeem ech den Accord vu menger Fraktioun ginn, nach eng Kéier bedaueren, dass mer nëmmen a mengen Aen hallef Aarbecht maachen. Ech kritiséieren dat hei net, wat gemaach gëtt, mä mir haten an der Diskussioun, déi mer gefouert hunn am Juli 2001 bei der Konklusioun iwwert den Hearing, eng Proposition de loi, et deet mer Leed, dass ech dat nach eng Kéier widderhuelen, vu mengem Kolleeg Ben Fayot, iwwert d'Schafung vun der Agence de la sécurité alimentaire. Déi ass momentan op Äis geluecht ginn. Ech sinn der Meenung, dass dat en Organ ass, dat mer roueg kënnten hei zu Lëtzebuerg aféieren.

Éischtens wéinst senger onofhängeger Stellung vis-à-vis vum Pouvoir politique.

Zweetens wéinst der Berodung, déi et ka maachen, esouwuel am Déngscht vum Produzent, wéi och vum Konsument a wat ech och wichteg fannen, dat ass de wëssenschaftlechen Aspekt, wou esou eng Agence de la sécurité alimentaire kënnt sécherlech e positiven Aspekt bréngen, alles wat d'Fuerschung ubelaangt am Beräich vun der Liewensmëttelsécherheet. Ech menge mir sollen och an déi Richtung weider iwwerleeën.

Ech weess, dass mer, Här President, an den nächste Wochen nach wäerten de Projet Uni Lëtzebuerg diskutéieren. Ech mengen, dat hei wier op jidde Fall e Volet, deen ee kënnt roueg mat abannen an déi Diskussioun. Dat mer net eleng alles kënne maachen, däers sinn ech mer bewosst, da solle mer dat am Verbond mat der Groussregioun maachen. Mä op jidde Fall, ech wier frou, wa mer eng Kéier kënnten déi Diskussioun iwwert d'Kreatioun vun dëser Agence vun der Sécurité alimentaire nach eng Kéier ophuelen.

Wéi gesot, ech bréngen awer trotzdeem den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Maggy Nagel.

Mme Maggy Nagel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt dem Rapporteur merci fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport, an de Kolleeg Jeannot Belling huet mer nach un d'Häerz geluecht fir och merci ze soen, well hien dat vergiess hat virdrun, fir de Rapport, deen de Rapporteur bei deem Projet de loi vu virdru gemaach huet.

***(Interruptions)***

Wéi de Rapporteur et scho gesot huet ass dee Projet hei vun enger immens grousser Wichtegkeet. A mengen Ae geet et hei net just ëm d'Améliorratioun vun enger Administratioun oder ëm d'Opstockung vum Personal, also eppes Technesches, mä hei geet et virun allem ëm ons aller Gesondheet an ëm d'Opbesserung vum Image vun onser Landwirtschaft, déi an deene leschte Jore schwéier gelidden huet duerch Liewensmëttelskandaler an Epidemie bei den Déieren, net ze schwätze vum finanziellen Impakt fir d'Baueren.

Ech erënneren hei nëmmen un d'Schwéngspescht vum leschte Joer, där iwwer 18.000 Déieren zum Affer gefall sinn. Do hu vill vun onse Matbierger déi wichteg an excellent Aarbecht vun der Veterinärinspektioun konnte matverfollegen. D'Missioune vun der Veterinärinspektioun sinn zahlreich, si si schonn ernimmt ginn. D'Vermeidung vun Epidemien ënnert den Déieren, a besonnesch déi, déi sech op de Mënsch iwwerdroe kënnen, d'Kontroll vun den Iesswueren aus Déiereproduktiounen, d'Kontroll bei den Déierenimporter um Findel, d'Kontroll vun der Protektioun an dem Wuelergoe vun den Déieren an natierlech och d'Participatioun un de Réunioune vun der Europäescher Unioun zu dësen uewe genannten Theme si wichteg.

Ze vermierken ass hei och, datt déi EU-Réglementatioun ëmmer méi komplex ginn ass. Et ass natierlech esou, datt ee kann esou vill Réglementatiounen erloosse wéi ee wëllt. Et kann ee just um Terrain kontrolléieren, ob se dann och wierklech agehale ginn.

D'Aarbecht vun der Veterinärverwaltung um Terrain mécht also e groussen Deel vum Aarbechtsopwand aus. Mä et muss och am Laboratoire geschafft ginn. Analyse mussen duerchgefouert ginn a Konklusiounen aus dësen Analyse musse gezu ginn an esou weider an esou fort.

D'Komplexitéit vun der Aarbecht, déi eng ëmmer méi grouss Spezialiséierung viraussetzt, klëmmt also an et läit op der Hand, datt ee méi Leit braucht an och méi forméiert Leit fir deem kënne gerecht ze ginn. Et muss een d'Zäit an d'Formatioun kréien, fir sech an déi komplex Dossiere kënnen ze knéien, well et muss ee virbereet sinn, fir Entscheedunge kënne schnell a richteg ze huelen.

Well hei geet et ëm vill. D'Gesondheet vun den Déieren an de Mënschen, d'Vertraue vum Konsument an och d'finanziell Iwwerliewe vun engem Baurebetrib.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, op d'mannst säit de rezente Liewensmëttelskandaler ass gewosst, datt et net méi duer gaangen ass mat der Zuel u Spezialisten, déi d'Gesetz vun 1976 virschreift. D'Administratioun konnt net waarden an huet du misse Leit hors cadre astellen a Vacataire Aarbechten op Zäit musse leeschte loossen.

Dës Situatioun, déi weder fir d'Administratioun am grousse Ganzen, a besonnesch net fir déi Leit, déi hors cadre waren, gutt war, gëtt elo behuewen. Dat ass am Fong eng Régularisatioun vun enger Situation de fait, mä eng Régularisatioun, déi méi Sécherheet bréngt a méi Effikassitéit an déi wichteg Administratioun. Si kann also elo besser hiren neie Missioune gerecht ginn.

Natierlech ass et esou, datt elo all nei Poste mussen iwwert de Budget genehmegt ginn.

Wann ech richteg verstanen hunn, ginn déi véier Veterinären, déi d'lescht Joer bäigezu goufen, elo automatesch an d'Fonction publique eran. Mir als Demokratesch Partei hu selbstverständlech kee Problem domadder. Mä, da muss dës Regel ënnert deeneselwechte Viraussetzungen och an anere Carrièrë kënne gëllen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, datt de Service vétérinaire elo endlech déi néideg personaltechnesch Viraussetzunge kritt fir seng vill Missioune kënne korrekt ze erfëllen. An dësem Sënn bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun fir den heitege Projet de loi an ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner huet den Här Robert Mehlen d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wie weess wat fir eng Bedeitung d'Déierenhaltung, d'Véihaltung hei zu Lëtzebuerg an der Landwirtschaft huet, dee weess och, datt dee Projet hei fir d'Landwirtschaft eng grouss Bedeitung huet. Mä, an dat ass och scho vu menge Virriedner gesot ginn an och vum Rapporteur, deem ech hei och wëll merci soe fir säi Rapport, d'Missioune vun der Veterinärinspektioun gi wäit doriwwer eraus.

Si sinn am Laf vun der Zäit ëmmer méi vaste ginn, ganz besonnesch

am Beräich vun der Liewensmëttelsécherheet. No all deene bedauerleche Skandaler, déi et ginn huet, ob dat Vergëftunge waren, op dat Dioxin war oder ob et Seuche waren, wéi de BSE, deen dobaussen de ganze Randfleeschmaart perturbéiert huet, wou sech herno allerdéngs erausgestallt huet, datt déi Saach net esou dramatesch wär fir de Konsument, wéi et am Ufank ausgesinn huet, mä mer wëssen, datt et schwéier Dysfonctionnementer waren, déi dozou gefouert hunn. Dysfonctionnementer um europäeschen Niveau, déi zu Sanktiounen am Europaparlament gefouert hunn, wou ganz haart Kriticke geäussert gi sinn um Management vu Säite vun der europäescher Kommissioun. Wou deemools, Madame Stein, ob et lech gefält oder net, leider e Lëtzebuerger Agrarkommissar mat d'Verantwortung gedroen huet fir dat wat do passéiert ass.

Gott sei Dank sinn d'Léieren aus där Situatioun gezu ginn a Gott sei Dank sinn d'Kontrollen, déi absolut noutwendeg sinn an engem System vu Globaliséierung, wou ganz besonnesch d'Fuddermëttel duerch d'ganz Welt zirkuléieren a wou, wéi mer an der Dioxinaffär gesinn hunn, Firme keng Skrupel hu fir hir Offäll, déi héich gëfteg sinn, ënnert d'Fuddermëttel ze mëschen, fir se ze entsuergen. Där Menace, deem Risiko kann den eenzelne Bauer sech net entgéint stellen. Do ass d'öffentlech Hand gefuerdert, do musse Kontrolle gemaach ginn.

Mir hunn och an deenen Diskussiounen, déi mer iwwert d'Liewensmëttelsécherheet haten, festgestallt, datt am Virfeld hei zu Lëtzebuerg eigentlech net genuch Kontrolle gemaach gi sinn, wat d'Kraaftfudder ubelaangt. Ech hoffen, datt dat sech an der Zwëschenzäit verbessert huet, well et ass notamment iwwert dee Wee wou praktesch all Skandaler bis elo gelaf sinn a wéi gesot well den eenzelne Bauer keng Chance huet deem ze échappéieren, well déi Analysen, ganz besonnesch, wann een eng Dioxinanalys nëmmen hëlt, wann ech gutt informéiert sinn, ëm déi 1.000 Euro kascht. Dat kann den Eenzelnen net bezuelen an dofir ass do d'öffentlech Hand gefuerdert.

Et sinn awer och aner Aspekter déi matspillen, aner Missiounen, déi op d'Veterinärverwaltung zoukommen, dat ass de Bien-être des animaux, deen ëmmer méi no vir gestallt gëtt, Gott sei Dank. Et ass d'Preventioun vun de Seuchen. Ech erlabe mer och aus landwirtschaftlecher Siicht e Wuert dozou ze soen, well leider och duerch den internationalen Trafic net nëmme vun den Déieren, mä vu Sperma a vun Embryoen, Seuchen, déi mer virdrun net kannt hunn, déi fir de Mënsch net geféierlech sinn, mä déi vill Schued an de Baurebetriber uriichten, importéiert gi sinn, mat deenen d'Betriber permanent konfrontéiert sinn.

Mir hunn an der Agrarkommissioun op Initiativ vum ADR emol doriwwer diskutéiert, mä et ass net schrecklech vill geschitt, et wär och noutwendeg, datt mer eng national Strategie géingen entwéckele fir deem Fléau do, deen d'Landwirtschaft vill Geld kascht, dee vill Schued uriicht, ganz geziilt a mat enger nationaler Strategie, wou kee Betrib sech kann deem entzéien, entgéint ze trieden. Dat ass an der Vergaangenheet bei anere Seuchen, déi deelweis och fir de Mënsch geféierlech waren, wéi d'Tuberkulos, geschitt. Bei deene moderne Seuchen, déi net esou offensichtlech an Erscheinung trieden, mä déi wéi gesot vill Schued uriichten, ass dat bis elo leider net mat där Konsequenz gemaach ginn. Ech géing wënschen, Här Minister, datt dat an Zukunft géing geschéien.

Alles dat, Här President, geet net ouni, datt een dat néidegt Personal huet. Dat hei si Missiounen, déi aarbechtsintensiv sinn, déi een zu engem ganz groussen Deel net duerch Maschinnen oder duerch Ordinateuren oder wat och ëmmer kann duerchféiere loossen. Quitte datt Laboratoiresprozesser sech automatiséiere loossen, mä d'Kontrollen op der Plaz, d'Prélèvements des échantillons an esou weider, dat muss ëmmer nach vu Leit gemaach ginn. Dofir si mir d'accord, datt méi Leit hei zur Verfügung gestallt ginn. Net déi entscheedend Fro, awer eng wichteg Fro an deem Kontext ass déi: Muss dat duerch Fonctionnairë geschéien?

Dat ass e generelle Problem, deen och gëschter an deem Débat, dee mer hei gefouert hunn, deelweis zum Virschäi koum. Mir sinn als ADR, contrairement zu deem wat meng Virriednerin gesot huet, net der Meenung, datt een all déi Fonctioune misst fonctionnariséieren. Mir sinn au contraire der Meenung, datt ee soll eng Politik beim Stat féieren, wou een esou mann wéi méiglech Fonctionnaren huet a wou een esou wäit wéi méiglech Fonctiounen ënnert dem privaten Aarbechtsrecht, wat haut en Aarbechtsrecht ass mat deem all Mënsch liewe kann, ech mengen och am Privatsecteur, datt een dat also esou wäit wéi méiglech och ënnert dem privaten Aarbechtsrecht kann ofwéckelen.

Mir hunn an dem Document parlementaire gelies, datt déi jëtzeg Solutioun mat Vacataren, déi op d'Stonn bezuelt ginn, méi deier wär wéi d'Festastellung vu Beamten. Ech hoffen, datt dat esou ass, et liicht engem zwar net esou richteg an. Mer wëssen och, datt déi Leit méi flexibel si wéi wa se fonctionnariéisert sinn, dat geet och aus deem Text ervir, mä mer huelen dann emol un, datt dat esou ass, dofir kënne mir mat där Solutioun liewen, mä, wéi gesot, generell si mer net där Meenung, datt alles soll fonctionnariséiert ginn, wat an deem Domän hei schafft.

An Zukunft ass den Numerus clausus bei enger Partie Fonctiounen opgehuewen, dat heescht et gëtt iwwert d'Budgetsgesetz gemaach. Ech wëll och e Wuert dozou soen. D'Zuel vun den Agenten, huet de Statsrot jo och gesot, misst an Zukunft iwwert d'Budgetsgesetz…

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Neen, neen. Et muss ëmmer iwwert den Numerus clausus goen. Dat ass d'Budgetsgesetz.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Entschëllegt, ech hu mech schlecht ausgedréckt.

Den Numerus clausus gëtt dann am Budgetsgesetz geännert.

Mer wëssen awer wéi dat normalerweis leeft. Et ass een Artikel am Budgetsgesetz, wou dra steet, datt an Ofännerung vun deem wat bis elo bestanen huet, déi an déi Poste bäikéimen.

Natierlech steet dat dran, mä mir wësse wéi de Budget hei diskutéiert gëtt, dat sinn net déi Punkten, déi grouss erausstinn. Dofir wollte mir vun hei aus awer en Appel maachen, datt do schonn drop opgepasst gëtt. Wann och op där enger Säit d'Noutwendegkeet besteet, datt awer op där anerer Säit net iwwert d'Zil erausgeschoss gëtt.

Mir si leider, Här President, mat enger Entwécklung konfrontéiert, datt de Statsapparat sech ëmmer méi ausweit, an datt d'Käschte vum Statsapparat par rapport zum Gesamtbudget riskéieren, ganz besonnesch wann d'Recetten net méi esou klamme wéi an der Vergaangenheet a mer vläicht riskéieren esouguer hannerzech ze fueren, datt déi Froen en enorm groussen Deel vun eisem Budget anhuelen.

Dat gesot, wëll ech wéinst der Noutwendegkeet, déi sech ergëtt fir hei ze agéieren, trotzdeem den Accord vu menger Fraktioun brénge. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Landwirtschaftsminister, den Här Fernand Boden.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech si frou, datt dëse Projet de loi eng ganz breet Zoustëmmung an der Chamber kritt. Et ass vu jiddfereengem drop higewise ginn, datt d'Administratioun vun de Veterinärsservicer ganz wichteg Aufgaben ze erfëllen huet, dat esouwuel am Beräich vun der Santé publique, vun der Santé animale wéi och vum Déiereschutz an iwwerhaapt vun der integréierter, géif ech soen, Liewensmëttelsécherheet, also vum Stall bis op den Dësch.

Et ass kloer, datt all dës Beräicher ëmmer méi eng grouss politesch, mä awer och gesellschaftlech Prioritéit kritt hunn. Et si vill Direktiven, Reglementer a Gesetzer, souwuel um europäesche wéi um nationale Plang an d'Wee geleet ginn, an dat wäert ganz sécher esou weidergoen. Doduerch sinn d'Aufgaben an d'Missioune vun der Verwaltung vun de Veterinärsservicer natierlech ëmmer méi grouss ginn, souwuel, an dat ass hei ënnerstrach ginn, um preventive Plang wéi och um Plang vun der Berodung, a virun allem um Plang vun der Kontroll.

Den Här Wohlfart huet op d'Wichtegkeet vun der Preventioun higewisen. Mir wëssen datt d'Veterinärsverwaltung do eng ganz grouss a wichteg Aufgab ze erfëllen huet. Ech muss soen, datt de gesondheetleche Status vun eisem Déierebestand ganz gutt ass. Mir hunn eng generell Epidémio-surveillance agefouert, wou och d'Veterinärspraktiker mat agebonne sinn. Mir hunn iwwert de Sanitel eng ganz gutt Identifikatioun vun de Béischten. Mir maachen eng streng Kontroll um Findel, wat den Import aus Drëttlänner ubelaangt.

Ech menge schon, datt op deem Plang villes geschitt ass. Dat soll natierlech weider ausgebaut ginn an ech sinn iwwerzeegt, datt d'Aufgabe vun der Veterinärsinspektioun ouni Zweifel an den nächste Joren nach wäerte weider wuessen. Mir wëssen alleguerten, datt d'Liewensmëttelsécherheet an den Déiereschutz nach ze verbesseren an ouni Zweifel auszebaue sinn. Et wäerten och an Zukunft weider Reglementer, Direktiven a Gesetzer an déi Richtung geholl ginn.

Ech wëll drop hiweisen, datt zum Beispill déi Reform vun der Agrarpolitik, déi virun e puer Deeg vum Agrarconseil gestëmmt ginn ass, och weider Akzenter a Richtung Déiereschutz a Liewensmëttelsécherheet setzt. Ënner anerem ass de Respekt an d'Anhale vun enger Rei vu Konditiounen an dësem Beräich Virbedingung, fir iwwerhaapt kënnen direkt Bäihëllefen ze kréien.

Ech weess och, datt dës Problemer lech um Häerz leien. Et ass scho méi wéi ees doriwwer geschwat ginn. Den Hearing, deen hei an der Chamber iwwert d'Liewensmëttelsécherheet war, ass ernimmt ginn. Och do ass ëmmer drop higewise ginn, datt ee misst d'Personal vun der Veterinärsverwaltung an dat am Veterinärslabo opstocken, fir datt si hiren Aufgabe kënnte gerecht ginn. Mir hu versicht, dat en attendant ze maachen. Well awer de legale Kader begrenzt ass, hu mer dat missen iwwer Employés privés maachen. Zum Beispill ass d'Zuel vun de Veterinären ëm 4 op 18 opgestockt ginn, obschonn de legale Kader nëmme 14 Fonctionnairë virgesäit. Och am Laboratoire sinn haut néng Laboranten, obschonn de legale Kader der nëmme sechs virgesäit.

Mir hunn also scho virgebaut, fir ebe kënnen deene méi groussen Aufgabe besser gerecht ze ginn. Dëse Projet gëtt jo och der Verwaltung d'Méiglechkeet, doduerch datt déi limitéiert Zuel vu Fonctionnairen opgehuewe gëtt, fir hire gewuessenen Aufgaben nach besser gerecht ze ginn. Dat war jo ee gemeinsame Wonsch vun eis alleguer.

Ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, datt fir jiddfereen, dee beim Stat agestallt gëtt, de Numerus clausus spillt. Ech hunn net richteg d'Interventioun vun der Madame Nagel verstan, well och déi véier zusätzlech Veterinären hu missen iwwert den Numerus clausus agestallt ginn. Si konnten awer net fonctionnariséiert ginn, well de legale Kader op 14 limitéiert war. Si hu missen Employés privés ginn. Elo kënnen se fonctionnariséiert ginn. Dat ass deen normale Wee, deen ëmmer muss agehale ginn, an dofir mengen ech schonn, datt dat hei iwwert déi normal Prozedur gaangen ass. Et ass awer berechtegt a gerecht, datt déi do Aufgabe vu Fonctionnairë gemaach ginn, well se direkt mat der Sécherheet ze doen hunn, esouwuel vun den Déiere wéi och vun de Mënschen. Et musse Kontrolle gemaach ginn, an déi kënnen am objektiivste vu Fonctionnairë gemaach ginn.

Ech géif nach eng Kéier merci soe fir déi breet Zoustëmmung, déi mer hei kréien. Ech wëll och nach eng Kéier soen, datt mer versiche fir weider Schrëtt ze ënnerhuelen, wat de Veterinärslabo ubelaangt. Mir hunn eng Persoun agestallt, fir d'Accréditatioun virzebereeden, mä mir wëssen, datt dat awer nëmme méiglech ass, wann de Veterinärslabo op en neie Site kënnt. Ech hoffen, datt dee Site vun Diddeleng, wou jo soll eng Integratioun vun dräi verschiddene Laboë kommen: dem Gesondheetslabo, deem vun der Ëmwelt a vum Waasser, a virun allem dann dem Veterinärslabo, datt déi dräi Projeten esou schnell wéi méiglech hei an der Chamber gestëmmt ginn, fir datt mer op deem Plang kënnen d'Accréditatioun vum Labo kréien, an esou nach besser kënnen am Intérêt vun der Liewensmëttelsécherheet a vun der Déierésécherheet insgesamt schaffen.

Nach eng Kéier merci an der Hoffnung, datt duerch dëse Projet an deem Beräich nach kënne weider Effortë gemaach ginn.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 5064 a stëmmen doriwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5064.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5064 ass mat 53 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Patrick Santer), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Jeannot Belling), Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Den Här Jean-Paul Rippinger freet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Memberen, déi an der Conférence des Présidents waren, wëssen, datt mer de Muere relativ Schwieregkeeten hu mat der Reiefolg vun de Gesetzesprojeten, well eng ganz Rei Ministere Rendez-vousen hunn, well mer net am Virfeld woussten, datt mer géingen haut de Mueren eng Sëtzung hunn.

Den Här Berger kann eréischt méi spéit kommen, oder wa säi Rendez-vous méi laang dauert, dann ass ofgemaach, datt den Här Frieden hie géing ersetze bei deem Projet. Dofir géing ech virschloen, fir elo d'Projetë vum Här Frieden ze huelen an dann déi vum Här Berger hannendrop, wann d'Chamber domadder d'accord ass? Den Här Boden misst fortgoen, hunn ech gesot kritt.

M. le Président.- Esou wéi ech d'Saach gesinn, ass et eng Affär vu fënnef Minutten, et ass eng Konventioun.

Mir kommen zum Projet de loi 4970, eng Konventioun iwwert de Schutz vun de Waasserzuchvigel. D'Wuert huet de Rapporteur, den Här Emile Calmes. Et ass nëmmen ee Riedner agedroen.

## 3. 4970 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur la conservation des oiseaux d'eau migrateurs d'Afrique-Eurasie, fait à La Haye, le 15 août 1996

***Rapport de la Commission de l'Environnement***

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.*- Effektiv, Här President, geet et hei ëm d'Approbatioun an ëm d'Exécutioun vun engem Accord iwwert d'Erhale vun de Waasserzuchvigel am Raum Afrika, Europa an Asien, deen de 15. August 1996 zu La Haye ënnerschriwwe ginn ass. Lëtzebuerg huet deen 1997 ënnerschriwwen.

Deen Accord erstreckt sech iwwert den integralen afrikanesche Kontinent, iwwert Europa, eng Partie vun Asien an eng Partie arktesch Inselen am Nordoste vu Kanada. E betrëfft 117 Länner an et geet ëm 170 Zorte Vullen, vun deenen der 85 zu Lëtzebuerg konnten identifizéiert ginn, och eng Partie Kormoranen. Déi do hunn awer näischt mat deene béise Kormoranen ze dinn, déi eise Sportfëscher d'Fësch ewechbotzen.

Et ass en international juristescht Instrument, wou et a sech just ëm de Schutz vun deene Vulle geet. Et muss ee wëssen, datt d'Migratioun vun de Vullen effektiv een universelle Phenomeen ass, dee sech iwwer Dausende vu Kilometeren erstreckt an doduerch iwwert d'Grenze vun de Länner ewech fonctionnéiert. Et ass awer esou, datt déi

meescht Länner, wou déi Vullen derduerch zéien, am Prinzip keng gemeinsam Politik hu fir déi Vullen ze schützen, an dat huet dann heiansdo néfaste Konsequenzen op d'Iwwerliewe vun enger ganzer Partie Zorten. Dofir geet et mat deem Accord hei drëm, eng international legal Basis an deem Sënn ze schafen, déi op dem Artikel 4 baséiert vun der internationaler Konventioun iwwert d'Zuchvigel am Allgemengen, déi schonn aus dem Joer 1979 existéiert.

Deen Accord hei gesäit och en Aktiounsplang vir mat deem Mesurë solle geholl ginn, net nëmme fir déi Zorte Vullen do ze schützen, mä virun allem och hir Liewensraim ze schützen a mënschlech Aktivitéiten ze géréieren, déi domat ze dinn hunn. Et geet och ëm d'Recherche an den internationale Suivi, d'Educatioun an ëm d'Informatioun.

Zu Lëtzebuerg ass deen Accord hei gréisstendeels ëmgesat, andeem datt mir d'Naturschutzgesetz vun 1982 hunn, andeem datt mer d'Juegdgesetz hunn, andeem datt mer d'Konventioun vu Ramsa hunn, a well mer dat neit Naturschutzgesetz hunn, mat deem mer zwou Direktiven ëmsetzen, nämlech eng Direktiv iwwert d'Vulle vun 1979 an eng iwwert déi natierlech Habitaten, natierlech Liewensraim aus dem Joer 1992, dann entsprieche mir a sech de Fuerderunge vun dësem Accord. An deem Sënn géif ech dann och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei bréngen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Den Här Jeannot Krecké huet d'Wuert gefrot.

***Discussion générale***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, net fir Iech laang opzehalen, mä fir den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet hei ze bréngen.

M. le Président.- Den Här Nico Loes huet d'Wuert.

M. Nico Loes *(CSV).*- Ech géif dem Rapporteur, dem Här Emile Calmes, merci soe fir säin ausféierleche Bericht. Vu datt dat hei jo nët esou e schwierege Fall ass wéi dem Här Scheuer seng Kormoranen, géif ech dann och den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

M. le Président.- Den Här Robert Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, och fir dem Rapporteur merci ze soen. Hien huet eis gesot ëm wat et geet. Ech wëll ufügen, datt mer hoffen, datt all Länner, déi dat hei ënnerschreiwen, sech dann och drun halen.

Et ass bedauerlech ëmmer erëm festzestellen, datt d'Zuchvigel, déi während der Wanterperiod iwwert den europäesche Kontinent ewech zéie fir an Afrika ze iwwerwanteren an dann erëmzekommen, och an europäesche Länner an notamment a Frankräich an an Italien ofgeschoss ginn, ouni datt do bis haut e richtege Riedel konnt virgeluecht ginn. Dat ass bedauerlech, well een an der Realitéit och hei zu Lëtzebuerg muss feststellen, datt d'Vigel, déi esou léif si wéi d'Schmuebelen, déi ganz nëtzlech sinn an der Natur, an deene lescht Joren enorm vill ofgeholl hunn.

Mir wëssen, datt an deene Länner net emol dovir zréckgeschreckt gëtt fir d'Schmuebelen, un deene jo wahrhafteg net vill Genéissbares ass, ze huelen, fir se fir d'mënschlech Consommatioun ze gebrauchen. Dofir gi mir selbstverständlech eisen Accord a mir hoffen, datt sech iwwerall dodru gehale gëtt.

M. le Président.- Den Här François Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech bréngе selbstverständlech den Accord vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet an ech hoffen, datt en och zielt fir aner Vigelzorten, déi anscheinend zu Lëtzebuerg a Gefor bruecht gi vun eenzelne Leit.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Ënnerloosst déi Allusiounen, Här Bausch.

M. le Président.- Mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4970.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also of iwwert de Projet de loi 4970.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi as eestëmmeg mat 53 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Fred Sunnen), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean Spautz, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers) et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Marco Schroell), Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par Mme Maggy Nagel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. John Schummer), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 4721 iwwert d'Contrats fiduciaires. Et si schonn agedroen: déi Häre Sauber, Klein, d'Madame Durdu, den Här Henckes an d'Madame Wagener.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Patrick Santer.

## 5. 4721 - Projet de loi

## - portant approbation de la Convention de La Haye du 1er juillet 1985 relative à la loi applicable au trust et à sa reconnaissance

## - portant nouvelle réglementation des contrats fiduciaires, et - modifiant la loi du 25 septembre 1905 sur la transcription des droits réels immobiliers

***Rapport de la Commission juridique***

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4721 versicht zwee Objektiver ze erreechen. Éischtens d'Approbatioun vun enger Konventioun vum 1. Juli 1985 iwwert d'Unerkennung vum Trust an zweetens eng nei Reglementéierung vun der Fiducie.

Wat dësen zweeten Aspekt vum Projet elo ugeet, muss gesot ginn, dass d'Fiducie haut iwwer e Règlement grand-ducal vun 1983 reglementéiert ass. Dëse Règlement grand-ducal, deen iwwer eng Loi d'habilitation zu Stane komm ass, ass e legistescht Meeschterwierk, well en iwwert nëmmen dräi Artikelen eng technesch komplex Matière mat genügend Flexibilitéit op där enger Säit a bestëmmten Oplagen op där anerer Säit regelt.

De Projet de loi versteet sech als eng Verbesserung vum Regime vun der Fiducie, «par un renforcement de sa sécurité juridique, tout en élargissant les applications potentielles», esou emol den Exposé des motifs. Et goung och drëm verschidden Termë vum Règlement grand-ducal vun 1983 op déi vun der Konventioun ze alignéieren, ouni hire Sënn substanziell ze änneren.

Ech wëll nach ervirsträichen, datt och baussend de Bedéngunge vum Règlement grand-ducal oder vum Projet de loi eng Fiducie méiglech ass, mä esou eng Fiducie fält dann net ënnert de Regime vum Règlement grand-ducal respektiv dem Projet de loi. Dat ass d'selwecht bliwwe par rapport zum Règlement grand-ducal.

D'Definitioun vum Contrat fiduciaire ass grondleeënd déiselwecht wéi déi vum Règlement grand-ducal. D'Termen hunn zwar liicht geännert. E Contrat fiduciaire ass e Contrat «par lequel une personne, le fiduciant, convient avec une autre personne fiduciaire, que celui-ci, sous les obligations déterminées par les parties, devient propriétaire des biens formant un patrimoine fiduciaire».

Et handelt sech also ëm e Vertrag tëschent engem Fiduciant an engem Fiduciaire, wou op där enger Säit de Fiduciaire voll Propriétaire vun de Bienë gëtt a wou op där anerer Säit de Fiduciant gewësse Missioune kritt. Et kann een esou eng ganz Rei vun Applicatioune virgesinn, zum Beispill fir e Patrimoine ze géréieren oder Investissementer ze maachen. Et ass och eng Méiglechkeet eng Sociétéit ze ginn. Zum Beispill e Patrimoine gëtt engem Fiduciaire iwwerdroen an de Fiduciaire gëtt dee Patrimoine als Kautioun oder Sûretéit fir Engagementer mat Drëttpersounen.

Déi op de Fiduciaire iwwerdroe Bienë ginn net an dem Fiduciaire säi perséinleche Patrimoine opgeholl, obwuel de Fiduciaire voll Propriétaire vun deene Bienë gëtt. Si gi separat an engem Patrimoine d'affectation gebucht. Fir all Contrat fiduciaire gëtt also dann en neie Patrimoine d'affectation gegrënnt. Nëmmen d'Créancieren, där hir Rechter am Kader vun der Opération fiduciaire opkomm sinn, hunn Zougréff op dee Patrimoine d'affectation. Déi perséinlech Créancierë vum Fiduciaire hu kee Recht op dee Patrimoine d'affectation. Dëse Patrimoine d'affectation ass besonnesch am Fall vun der Faillite vum Fiduciaire vu praktеschem Notzen, well de Patrimoine d'affectation net an d'Mass vun der Faillite fält .



Wat ass also nei? Ech wëll elo net op all Punkt hei am Detail agoen. Ech wëll nëmmen zwee Punkte besonnesch ervirhiewen.

Éischtens gouf 1983 d'Meenung vertratt, datt d'Banken, well se enger Kontroll, deemools dem IML, ënnerlouchen, am beschten à même wore sech allen Abüen ze widdersetzen. Dofir gouf d'Qualitéit vu Fiduciairen nëmmen op d'Banke limitéiert. Dem Projet de loi no kënnen aner Persounen als Fiducaire fungéieren, zum Beispill, SICAVen, Assurancen a Réassurancëgesellschaften, well all dës Gesellschaften op iergendeng Manéier, direkt oder indirekt, enger Kontroll ënnerworf sinn. Dat ass och gutt esou. Mä dat mussen net Lëtzebuerger Gesellschafte sinn. Et kënne Gesellschafte sinn, déi och bannent der Europäescher Unioun, mä och baussent der Europäescher Unioun hire Sëtz hunn, respektiv enger Autorité de contrôle ënnerworf sinn.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Dat wäert bestëmmte Problemer opwerfen. Wann de Fiduciaire sech zum Beispill an engem Drëttstat befënnt a Faillite mécht, gëtt de Patrimoine d'affectation, deen am zukünftege Gesetz geschafe gëtt oder virgesi gëtt, och da wierklech an deem Land respektéiert?

En zweete Problem ass den Artikel 7 Paragraph 6 vum Projet de loi, géint deen ech perséinlech vill, wann net extrem vill Bedenken hunn. Den Artikel 7 Paragraph 6 vum Projet de loi gesäit vir: «Le fiduciant, le fiduciaire ou un tiers bénéficiaire du contrat fiduciaire peuvent demander en justice, pour motifs graves, le remplacement provisoire ou définitif du fiduciaire ou l'extinction anticipée du contrat fiduciaire.»

Esou eng Bestëmmung huet sech net am Règlement grand-ducal vun 1983 erëmfonnt an huet ni iergendwéi Ulass gi fir iergendwéi Schwieregkeeten. Dat wäert sech vläicht elo änneren. Ech hu manner mam Remplacement vum Fiduciaire Problemer, wéi mat der Extinction anticipée du contrat fiduciaire. Et geet also drëms e valable Kontrakt, dee billerbuchhaft vun alle Parteien exekutéiert gëtt, ze annuléieren. Ech mengen eng Première an eisem Rechtssystem. Och wann den Terme Extinction anticipée du contrat nëmme fir d'Zukunft gëlle kann, also net retroaktiv, ass awer onkloer wat mat Motifs graves ze verstoen ass.

Et soll keng Schwieregkeet bei der Exécutioun vum Kontrakt sinn. Et soll keng Gêne bei der Exécutioun vum Kontrakt sinn. D'Parteie mussen an e solchen Enkpass geroden, datt weder e Gesetz nach de Vertrag en Auswee bitt. An hei gi schonn d'Meenungen auserneen. Am Exposé des motifs gi Beispiller uginn, wou awer nom Droit commun Ausweeër méiglech sinn. D'Kommissioun huet festgehalen an hirem schréftleche Rapport, datt wann de Contrat fiduciaire oder en anert Gesetz, zum Beispill de Code civil, eng Méiglechkeet virgesäit fir aus dem Enkpass ze kommen, d'Bestëmmung vum Artikel 7 Paragraph 6 net Uwendung fënnt. Also hu mer et hei scho mat der éischter Source vun Onklorheet respektiv Insécurité juridique ze dinn.

Déi zweet Source vun Insécurité juridique läit an der praktescher Uwendung vum Contrat fiduciaire. E Contrat fiduciaire gëtt dacks mat weidere Verträg integréiert. De Fiduciaire huet Verträg mat Drëttpersounen ofgeschloss. Dës Verträg sinn net vun der Extinction anticipée vum Contrat fiduciaire betraff. Esou kann et also virkommen, datt de Fiduciaire nach vertraglech weider ugebonne bleift, obwuel de Contrat fiduciaire net méi besteet. Wat dann? Dofir sot d'Kommissioun, datt d'Geriichter d'Intérêtë vun alle Parteien, déi direkt oder indirekt mam Contrat fiduciaire eppes ze dinn hunn, mat a Betruecht mussen zéien. Dat muss awer net esou sinn, well d'Meenunge vun den Documents parlementaires keng Valeur légale hunn.

Schlussfolgernd wëll ech nach eng Kéier meng Bedenken zum Artikel 7 Paragraph 6 soen, well dësen Artikel nach Onklorheeten opweist, déi der Attraktivitéit vum Contrat fiduciaire par rapport zum Trust, deen duerch d'Approbatioun an d'Ratifikatioun vun der Konventioun vun 1985 hei am Land unerkannt gëtt, schuet, zemools wat den engleschen Trust ugeet. Déi englesch Gesetzgebung vun 1985 mécht esou anticipéiert Extinctioune vun engem Trust net méiglech, se gesäit se net vir. Ech menge perséinlech, mä d'Majoritéit vun der Kommissioun - an do waart Der derbäi, Här Klein - war anerer Meenung, datt deen Artikel 7 Paragraph 6 an déi falsch Richtung geet.

Zum Schluss nach zwee kuerz Wierder iwwert den Trust. Den Trust ass eng Institutioun, déi ganz heefeg an den angelsächsege Länner ugewannt gëtt, natierlech am Bankesecteur, mä net nëmmen. Zum Beispill fir Weesekanner ze beschützen, a karikativen Zwecker, als Alternativ zu enger Hypothéik, fir Successiounen ze reglementéieren, fir e Centre culturel ze géréieren an esou weider. Et ass en individuellen Akt vun deem, deen den Trust grënnt. Et ass also kee Vertrag wéi d'Fiducie.

Firwat den Trust hei zu Lëtzebuerg net méiglech ass hänkt vun enger vun den Haaptcharakteristike vum Trust of. De Constituant iwwerdréit eng ganz gewëssen Zort vu Propriétéit där Persoun, déi als Trustee bezeechent gëtt, et ass bal esou wéi bei eis de Fiduciaire. Deen Trustee gëtt awer net voll Propriétaire, wéi de Fiduciaire vun deene Bienen. E kritt nëmmen een Deel, eng ganz gewësse speziell Fonctioun, e kritt d'legal ownership, soen d'Englänner, vun de Bienen an de Bénéficiaire vum Trust kritt d'equitable ownership.

Deen Démantèlement vun der Propriétéit kenne mer hei zu Lëtzebuerg net, dofir war et net méiglech en Trust hei zu Lëtzebuerg unzëerkennen, well e Rechter hei zu Lëtzebuerg kreéiert hätt, déi et iwwerhaapt net an eisem Rechtssystem gëtt. Fir awer deem Problem aus dem Wee ze goe mat der Approbatioun an der Ratifikatioun vun der Konventioun vum 1. Juli 1985, gesäit den Artikel 2 vum Projet de loi vir, datt bei eis den Trustee als volle Propriétaire vun de Bienen unerkannt gëtt. An der Konventioun gëtt zwar nëmme vum Trust geschwat, mä d'Charakteristiken, déi den Trust muss hunn, fir ënnert de Genoss vun der Konventioun ze falen, applizéieren sech och op d'Fiducie. Esou kann d'Fiducie iwwert d'Konventioun an anere Länner, déi d'Konventioun ratifiéiert hunn, unerkannt ginn. D'Majoritéit vun der Kommissioun schléit Iech also vir, dësen Text esou unzehuele wéi en Iech virläit, och leider mam Artikel 7 Paragraph 6.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Santer. Als éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marcel Sauber agedroen. Här Sauber, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Marcel Sauber *(CSV).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet, deen eis elo virläit, behandelt eng Matière, déi héich technesch ass, déi komplizéiert ass, déi awer och wichteg ass. An ech muss soen, mäi Fraktiounskolleeg, de Patrick Santer, huet a sengem excellenten an ausféierleche Rapport, esouwuel mëndlech wéi och schréftlech, explizéiert op gutt Lëtzebuergesch, wat och nach schwéier ass an dëser Matière, wat an dësem Projet mat dran ass. Ech géing him fir

seng excellent Aarbecht hei félicitéieren a merci soen, well dat do ass effektiv eng déif schürfend Aarbecht gewiescht.

Mat dësem Gesetz reforméiere mer de juristesche Kader vun der Fiducie am Lëtzebuerger Recht a mer akzeptéieren dann och den Trust am angelsächsege Sënn als vollwäertegt Rechtsinstitut hei zu Lëtzebuerg. Bis elo war et jo esou, datt den Trust hei zu Lëtzebuerg beschränkt unerkannt wor, an deem Sënn, datt d'Jurisprudenz aus de 60er Joren duerch d'Cour d'appel wuel erlaabt huet, datt ausländesch Trusten sech hei konnten entfalen, mä et ass awer verhënnert ginn, datt d'Trusten hei konnte constituéiert ginn.

Elo féiere mer dann den Trust an no dem Modell vun de Länner vun dem common law. Wéi en do praktizéiert gëtt, soll en dann och eriwwer kommen an eist nationaalt Recht. Et ass zweifellos sënnvoll, wann en Instrument, wat international sech bewährt huet, och hei fir eis Bankeplaz zougänglech ass. Vläicht muss een awer, haaptsächlech wat deen anere Volet vum Projet ubelaangt, d'Fiducie, an de Rapporteur huet ganz kloer schonn drop higewisen, där enger Fro e bësse méi wäit nogoen, wou hie säi perséinleche Bedenken zum Ausdrock bruecht huet an dee schonn derwäert ass, dass een haart driwwer nodenkt.

Mir hunn et elo net nëmmen hei mat der Den Haager Konventioun zum Trust ze doen, mä och mat enger Reform vu schonn existéiertem Lëtzebuerger Recht vun der Fiducie. Dëse Kontrakt, deen zënter 20 Joer am Wesentlechen als Contrat bancaire geregelt ass, gëtt ugepasst un d'modern Zäit, an ënner anerem kënnt dann och am Text mat dran, an dat stoung am Reglement vun '83 net dran, datt e kann opgeléist ginn, opgekënnegt gi pour motif grave.

Ech sinn der Meenung, datt prinzipiell dës Méiglechkeet eigentlech mam Wiese vun der Fiducie onvereinbar ass, net esou séier wéinst den initiale Vertragsparteien, mä virun allem wéinst deenen, déi duerno dermat ze doe kréien. D'Essenz vun der Fiducie ass jo déi, datt de Fiduciaire mam Patrimoine fiduciaire, deen e géréiert, schafft a sech géintiwwer Drëtte weider bënnt. Wann de Fiduciant elo de Vertrag vum Geriicht opkënnege léisst, dann ass de Fiduciaire schlecht drun. Hie bleift a sengen Obligatioune géigeniwwer dem Drëtte weider gebonnen.

Dat bréngt zweifellos eng Partie Problemer mat sech. Wa mer e Beispill huelen, d'Majoritéit vun deene Contrats de fiducie ginn hei mat de Banken ofgeschloss. Wann elo aus iergendengem Grond dee Kontrakt opgekënnegt gëtt, et ass jo och esou, datt dee Patrimoine net am Bilan vun de Banken erschéngt, dann ergëtt sech e Problem, well da muss en an de Bilan mat erakommen an da stelle sech d'Problemer vun de Ratioen an et stelle sech och nei Steierproblemer. D'Tatsaach ass nun awer déi, datt keng vun deene Situatiounen, déi den Exposé des motifs vum Gesetzesprojet opzielt, an der aktueller Rechtslag onléisbar wieren. All dëse Verhalensweise kënne mer och haut schonn zu enger geriichtlecher Resolutioun vum Kontrakt Ulass ginn, an zwar dat op der Basis vun dem Droit commun vun de Verträg.

Dat heescht also: Bei enger strikter Applicatioun vum Artikel 7 Abschnitt 6 duerch d'Geriichter, stellt sech haut an och an Zukunft kee Problem. Allerdéngs entsteet duerch den neien Text eng gewëssen Onsécherheet, schonn eleng doduerch well d'Opléisung am Text dra steet, wou se a sech net bräicht dran ze stoen, well mer haut schonn d'Opléisungsméiglechkeeten hunn. An doduerch kënnt eventuell eng gewëssen Onsécherheet mat era vis-à-vis vun deene potenziellen Notzer vun der Fiducie, déi sech d'Fro stellen, wat wuel effektiv ënner Motif grave ze verstoen ass a wéi se kann invoquéiert ginn. Dat kënnt dann och zu enger Ofännerung vun dem Contrat de fiducie eriwwer op den Trust féieren, wou et jo vill méi schwéier ass do Opkënnegungen ze maachen oder praktesch guer net méi méiglech ass.

Ass et elo awer esou, datt dat hei, datt dee Saz do just soll eng nëtzlech Répétitioun si vun deem, wat haut schonn applicabel ass, a wann een dat als dat ugesäit, da géing ech soen, wär et eng nëtzlech Informatioun fir déijéineg oder eng Warnung un déijéineg déi Abüe wëlle maachen. Wann dat net de Fall ass, da kommen déi Onsécherheete mat dran, wou vu Rieds war.

Dës Iwwerleeunge brénge mech dann och dozou eng extrem restriktiv Handhabung vun der Résiliatioun vun enger Fiducie pour motif grave ze erhoffen. Wéi gesot de Projet schaaft a leschter Analys, mengen ech emol, net wierklech en neien Opléisungsgrond vun der Fiducie, mä et kënnt een awer mengen hie géif et maachen - dat ass de Problem -, an dofir musse mer dann och fir eng richteg Duerstellung vum neie Sachverhalt bei deene Betraffene suergen.

Dat gesot, Här President, bréngen ech nach d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Projet. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Sauber. Ech ginn d'Wuert dem honorablen Här Klein.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Merci dem Rapporteur fir seng Aarbecht, déi hien an der Kommissioun an dësem Dossier geleescht huet, och fir seng Berichter, sief et dee mëndlechen oder dee schréftlechen. Ech hunn awer héieren, datt hien net mat allem d'accord ass, wat d'Kommissioun him an de Rapport gesat huet.

Wéi de Rapporteur schonn erkläert huet, geet et an dësem Projet ëm d'Approbatioun vun der Konventioun vu La Haye vum 1. Juli 1985 iwwert d'Loi, déi beim Trust applicabel ass, souwéi iwwert d'Unerkennung vum Trust. An dëser Konventioun geet et net drëm fir den Trust, deen d'Länner vum „common law" kennen, an eist nationaalt Recht anzeféieren, mä d'Ratifizéierung vun dëser Konventioun bréngt mat sech, datt eis Geriichter Regelen zur hirer Dispositioun kréien, fir Problemer vum internationale Privatrecht ze léisen, déi sech eventuell kënne stellen am Fall wou d'Effete vun engem Trust sech op eisem Territoire verlängeren.

D'Ratifizéierung vun der Konventioun ass ausserdeem wichteg fir eist d'Land, well doduerch d'Unerkennung vun der Lëtzebuerger Fiducie an deene Länner, déi d'Konventioun och ratifizéiert hunn, erliichtert gëtt. Weider kréien d'Contrats fiduciaires eng nei gesetzlech Regelung. Bis elo waren déi duerch e groussherzoglecht Reglement vun 1983 geregelt, wat awer mat dësem Gesetz ofgeschaaft gëtt.

Dës Regelung ass net komplett nei, mä baséiert op dem groussherzogleche Reglement vun 1983. Dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, verbessert de Régime juridique vun de Contrats fiduciaires. Dës Reform bréngt also mat sech, datt d'Fiducie hei zu Lëtzebuerg consolidéiert gëtt, andeem d'Sécurité juridique an dëser Matière verstäerkt gëtt an déi méiglech Uwendunge vun der Fiducie vergréissert ginn.

Unhand vun den Ausféierunge vum Rapporteur hu mer gemierkt, datt dëse Projet immens technesch ass. De schréftleche Rapport ass in extenso op den Inhalt vum Projet agaangen.

Et ass evident, datt dëse Projet wichteg fir d'Attraktivitéit an d'Compétitivitéit vun eiser Finanzplaz ass, well virun allem d'Réglementatioun vun de Contrats fiduciaires op ville Punkte verbessert gëtt an och d'juristesch Sécherheet verstäerkt gëtt, wat de Professionellen aus deem Secteur zegutt kënnt. An deem Sënn ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- Merci, Här Klein. Als nächst Riednerin ass d'Madame Durdu ageschriwwen. D'Madame Durdu ka leider net hei sinn a se gëtt duerch den Här Bettel vertrueden. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP), en remplacement de Mme Agny Durdu.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Madame Durdu huet misse wéinst enger net geplangter Saach de Sall verloossen an huet mech gefrot fir hir Ried virzeliesen. Déi Ried ass handgeschriwwen, wann ech heiansdo méi lues sinn, da pardon.

***(Hilarité)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur Patrick Santer huet a sengem excellente schréftleche Rapport, woufir d'Mme Durdu him félicitéiert, den technesche Volet vun dësem Projet prezis beliicht, an dofir kann ech drop verzichten nach eng Kéier doriwwer en Exposé ze halen.

***(Hilarité)***

Et ass net esou einfach, hutt wann ech glift e bësse Gedold.

Ech ënnersträichen, datt mer mat dësem Gesetz d'Konventioun vu La Haye vum 1er juillet 1985 iwwert den Trust unerkennen an de System vun der Fiducie, dee bis ewell hei zu Lëtzebuerg geregelt ginn ass duerch de Règlement grand-ducal vum 30. Oktober 1972, de Règlement grand-ducal vum 19. Juli 1983 an duerch d'Loi d'habilitation vum 24. Dezember 1982, adaptéieren. Mat dësem Gesetz gëtt d'Fiducie liicht ëmgeännert an op nei Erkenntnisser ausgeriicht. Doriwwer eraus entsprécht d'Fiducie elo den Artikelen 2 an 11 vun der Konventioun vu La Haye a wäert dann deemno als Trust vun der besoter Konventioun unerkannt ginn.

Den Trust an d'Fiducie sinn zwou juristesch Konstruktiounen, déi Elementer vun der Vente, dem Mandat an dem Acte unilatéral an engem System hunn. Den Trust kënnt aus dem angelsächsesche Rechtssystem. Wann ee weess, wie mat dësen zwee Systemer, Trust a Fiducie ëmgeet, nämlech d'Banken, d'Sociétés d'investissement aus dem Secteur financier, d'Sociétés d'investissement à capital variable ou fixe, etc., da weess een, datt dëse Projet vu groussem Wäert fir d'Finanzplaz ass an zur Verbesserung vun der Rechtssécherheet an dësem ekonomesch wichtege Beräich vun eisem Land bäidréit. Aus dëse Grënn bréngt d'Madame Durdu d'Zoustëmmung vun der DP.

M. le Président.- Merci. D'Wuert huet den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi éischte Kéier wéi d'Gesetzgebung iwwert den Trust, iwwert d'Fiducie an ons Gesetzgebung iwwerhaapt abruecht ginn ass, ass et iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal gemaach ginn, dee selwer um Vollmachtegesetz baséiert huet. Dat ass en zimlech exceptionnellë Wee gewiescht, well de Problem ganz schwéier ass. Ech erënnere mech nach, datt deemools an der Commission juridique en Ablack envisagéiert war fir ze froen, datt e Projet de loi sollt deponéiert ginn, mä d'Regierung am leschte Moment - kuerz virun de Wahlen - awer décidéiert huet, fir iwwert de Wee vum Vollmachtegesetz d'Fiducie an onsen Droit anzebréngen.

D'Problematik ass bekannt. Mir versichen an onsen napoleonesche Rechtssystem angelsächsesch Prinzipien ze integréieren. Dat ass relativ komplex. Wuerfir? Well d'Rechtssystemer anescht sinn an et net ëmmer einfach ass fir deen Ablack e Joint zwëschent deenen zwee Systemer ze maachen, mä et ass op jidde Fall e wichtegt Gesetz fir ons Finanzplaz.

De Projet de loi huet zwou wichteg Neierungen. Déi eng ass, datt en de Champ d'application vun deenen, déi kënnen op de Contrat fiduciaire opbauen, dat heescht, déi esou Kontrakter kënne maachen, élargéiert, an zwar considérablement. Bis elo waren et nëmmen d'Banken, awer elo kommen eng zahlreich aner Beräicher dobäi, wéi notamment d'Sicaven, d'Sociétés d'assurances et de réassurances.

Dann e wichtege Punkt, deen de Rapporteur ugeschnidden huet, de Remplacement vum Fiduciaire, entweder op eng provisoresch oder op eng definitiv Aart a Weis, an d'virzäiteg Extensioun vun dem Contrat fiduciaire.

De Rapporteur huet mat Recht drop higewisen, datt speziell déi do zwee Punkte Problemer opwerfen. Et ass evident, datt dat, wann ee gesäit wéi et am angelsächsesche Recht ass, dach relativ komplex ass a bedéngt, fir Problemer ze évitéieren, datt deen, deen e Contrat fiduciaire mécht, elo méi Prezisiounen an de Contrat fiduciaire erasetzt an notamment ganz kloer seet, wat fir d'Parteien e Motif grave ass a wat fir d'Parteie kee Motif grave ass.

Déi Donnéeë ginn héchstwahrscheinlech op Basis vun deenen Dispositiounen, déi an de "fiduciary agreements" vun den angelsächsesche Kontrakter bestinn, elo och an ons Kontrakter integréiert. Wann dat geschitt, da wäert et sécherlech ganz selte sinn, datt et zu engem Prozess virun de Geriichter wäert kommen. Wa sech awer just nëmmen op d'Gesetz referéiert gëtt an déi Detailer net virgesi sinn, dann ass et effektiv vu Risiko, esou wéi den Text elo libelléiert ass.

Mer mengen, datt dat elei trotzdeem e wichtegt Gesetz ass, well mer, an ech géing soen, datt dat bal deen essentielle Punkt ass, déi Konventioun vun 1985 iwwert déi international Organisatioun a Reconnaissance vun den Trustë mat ratifizéieren. Dat ass e wesentleche Punkt an dofir kënne mer och den Accord vun onser Fraktioun zu dësem Projet ginn.

M. le Président.- Merci, Här Henckes an ech ginn dann d'Wuert weider un déi honorabel Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, mir kënnen dëse Projet stëmmen. Merci.

M. le Président.- Merci. Duerno ass kee Riedner méi ageschriwwen an ech ginn dem Här Minister Luc Frieden d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng vun de Stäerkte vun der Finanzplaz Lëtzebuerg an deene leschten dräi Jorzéngte war, datt mer e klore juristesche Kader haten an hu fir déi eenzel Finanzaktivitéiten, déi sech do dérouléieren.

Mir ännere d'Gesetzer net all Méindes moies. Dat heescht, mir hunn och eng Stabilitéit am Cadre juridique vun de Finanzaktivitéiten, mä mir adaptéieren se do wou et noutwendeg ass, wann nei Instrumenter kommen oder et Instrumenter am Ausland ginn, déi mir an där nämlechter Form nach net hei hunn. An et ass genau dat wat mer haut hei maachen, andeem mer deen alen Text, dee Règlement grand-ducal vun 1983 duerch en neit, modernt Gesetz ersetzen. Ech mengen, et géing wierklech sech aschreiwen an d'Politik vun der Regierung, déi ass, déi rechtlech Rumm fir d'Finanzaktivitéite permanent ze verbesseren, well do wou et keng Rechtssécherheet gëtt, kann et och keng seriö Finanzplaz ginn.

Heimadder schafe mer nei Méiglechkeeten an dofir sinn ech frou, datt hei an der Chamber esou e breeden Accord zu dësem Projet sech ofzeechent. Ech soen dem Här Rapporteur Patrick Santer an deenen anere Kolleege vun der Commission juridique villmools merci fir déi intensiv Aarbecht.

***(Hilarité)***

Jo, wësst Der, Här Bettel, dat hei ass en Text, deen erëm eng Kéier beweist wéi gutt et ass, datt ee fir déi do Saachen esouwuel Responsabilitéiten am Finanzministère huet wéi am Justizministère, well et ass e ganz kloren Text, deen e juristeschen Text ass, mä deen ugewannt gëtt vun den Acteurë vun der Finanzplaz an dofir effektiv, den Text war an der Commission juridique. Also deene Kolleegen en häerzleche Merci am Numm vun der Regierung.

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vun den Artikelen a stëmmen dann iwwert de Projet de loi of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Nico Loes)***

D'Artikelen 1 bis 15 si gelies an ugeholl.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamten Text vum Projet de loi 4721.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 57 Stëmmen an 1 Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Fred Sunnen), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Marcel Sauber), MM. Patrick Santer (par M. Nicolas Strotz), Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean Spautz (par Mme Nelly Stein), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers) et Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Xavier Bettel), MM. Gusty Graas (par M. Jeannot Belling), Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch (par M. Emile Calmes), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par Mme Maggy Nagel), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Lydie Err (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Georges Wohlfart), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Jean-Pierre Koepp), Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*S'est abstenu: M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vun deem nächste Projet de loi 4919. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Bis elo hu sech folgend Riedner ageschriwwen: déi Häre Mosar, Klein, Bettel, Henckes an d'Madame Wagener.

D'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Patrick Santer.

## 5. 4919 - Projet de loi portant modification

## 1) de la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice

## 2) de la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat

***Rapport de la Commission juridique***

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Text sinn ech averstanen. Beim Projet de loi 4919 handelt et sech ëm déi éischt substanziell Form vun der Législatioun vun den Huissiers de justice.

Dräi Haaptobjektiver gi mam Projet de loi ugepeilt. Et sinn dat d'Formatioun vun de Huissieren, d'Associatioun tëschent Huissieren an d'Réglementatioun vun der Suppléance. Éier ech op dës dräi Punkte méi am Detail aginn, wëll ech nach ervirhiewen, datt doniewent eng ganz Rei vu punktuellen Adaptatioune virgeholl ginn, zum Beispill d'Verjährungsfrist vun enger Action disciplinaire, d'Peines disciplinaires, déi géint en Huissier ausgesprach kënne ginn, ginn op deene vum Notariatsgesetz vun 1976 alignéiert, d'Cotisatiounen, déi un d'Chambre des Huissiers de justice bezuelt musse ginn, d'Indikatiounen, déi en Huissier op säin Akt muss maachen oder nach, datt den Huissier seng Ënnerschrëft och bei de Verwaltungsgeriichter an net nëmme wéi bis elo bei den Zivilgeriichter muss hannerleeën.

Den Artikel IV vum Projet leet déiselwecht Flicht, wat d'Hannerleeë vun der Ënnerschrëft och bei de Verwaltungsgeriichter ugeet, och den Notairen op. Dofir huet d'Notariatsgesetz vum 9. Dezember 1976 misse geännert ginn.

Elo zu den Haaptobjektiver vum Gesetzesprojet.

Éischtens d'Formatioun vun den Huissieren. Bis haut geet den Ofschloss vun enger Première duer fir an de Stage als Huissier erageloss ze ginn. Dem Projet de loi no muss elo en Huissier eng ofgeschlossen universitaire Ausbildung vu véier Joer am Droit an de Certificat de formation complémentaire am Droit luxembourgeois opweisen. Dat sinn déiselwecht Bedingunge wéi fir op de Barreau ze kommen.

Duerch deen elo noutwendegen Universitéitsdiplom alignéiert sech eist Land op déi franséisch a belsch Législatiounen, déi och vun hiren Huissieren eng universitaire Ausbildung verlangen.

D'Kommissioun huet dës supplementar Bedingung, déi och schonn am Rapport sur la justice au Luxembourg vum Här Lucien Weiler vum 27. Abrëll 1998 gefuerdert gouf, begréisst. Eng universitaire Ausbildung ass an den Ae vun der Kommissioun onbedéngt noutwendeg fir et den Huissieren ze erméiglechen, déi ëmmer méi komplex Rechtslag korrekt anzegesinn an d'Pouvoiren, déi d'Gesetz hinne gëtt, à leur juste mesure auszeüben, zumools well an deene leschte Joren d'Influenz vum Europarecht an de Beräicher, déi direkt oder indirekt fir d'Huissiere vu Bedeitung sinn, enorm zougeholl huet an nach zouhuele wäert.

Doniewent, bei de Kritären, déi en Huissier muss erfëllen, gouf d'Nationalitéitsbedingung un déi vum Notariatsgesetz ugepasst. D'Altersbedingung an d'Dispens vum Stage sinn, well mer eng universitaire Ausbildung froen, iwwerflëssig ginn an de Certificat de moralité gëtt net méi vum President vum Bezierksgeriicht, mä vum Procureur ausgehändegt.

Am Projet de loi Artikel 2 ass festgehalen, datt déi nei Bedingunge fir d'Funktioun vum Huissier ausüben ze kënnen sech nëmmen op déi Kandidaten uwennt, déi hire Stage nom A-Kraaft-Triede vum neie Gesetz ufänke wäerten. Déi, déi elo am Stage sinn, falen net ënnert dat Gesetz.

Zweetens d'Associatioun tëschent den Huissieren. Der Chambre des Huissiers no belafen sech d'Käschten, déi eng kleng Huissiersetüd all Mount muss droen, op ongefeier 10.000 Euro. Fir et den Huissieren ze erméiglechen dës Käschten ze deelen andeems se sech associéieren, gesäit de Projet de loi express vir, datt esou eng Associatioun zu Stane ka kommen, wat haut an der Praxis awer scho stattfënnt.

Well d'Huissieren awer e spezielle Statut als Auxiliaire de justice hunn, muss d'Associatioun vum Justizminister guttgeheescht ginn. Et sief nach bemierkt, datt nëmmen Huissieren aus deemselwechten Arrondissement judiciaire, entweder Lëtzebuerg oder Dikrech, sech zesummendoe kënnen.

De Statsrot hat bemängelt, datt de Projet de loi keng Kritäre géif virgesinn op deenen de Justizminister eng Associatioun kënnt refuséieren oder autoriséieren. D'Kommissioun war awer der Meenung, datt d'Procédure administrative non contentieuse sech hei uwennt, an datt e Refus vum Justizminister souwisou ëmmer muss motivéiert sinn.

Drëttens eng nei Réglementatioun vun der Suppléance. De Huissier suppléant muss déiselwecht Bedingunge wéi de Huissier de justice erfëllen. Bis dato sinn d'Huissiers de justice suppléants als Clerc oder als Sekretär an enger Huissiers-Etude oder Affekoten-Etude beschäftegt.

Well mer am Projet de loi elo eng universitaire Ausbildung vum Huissier suppléant verlaangen, kann et méiglech sinn, datt et méi schwéier kéint ginn engem Beruff nozegoen an derniewent Huissier suppléant ze sinn. Mir hunn eis an der Kommissioun laang mat dëser praktescher Problematik befaasst. De System vun der Suppléance, deen elo am Projet de loi steet, berout op der praktescher Erfahrung, déi iwwert d'Jore gesammelt gouf. Et bleift awer, datt sech Problemer kéinten erginn, wat d'Artikulatioun tëschent dem Ausübe vum Beruff vum Huissier suppléant an dem Exercice vu senger Fonctioun als Huissier suppléant ugeet. Dofir steet am Rapport: «La Commission invite le Gouvernement à trouver une solution applicable en pratique», wa sech esou e Problem géing stellen natierlech, «et si besoin en était, à modifier dans les meilleurs délais la loi du 4 décembre 1990».

Dat sinn d'Leitlinne vum Projet de loi 4919.

D'Commission juridique huet sech awer mat engem weidere Problem, deen d'Huissiere betrëfft, befaasst, an zwar mat der Zuel vun den Huissieren. Et ginn der genuch, seet d'Chambre des Huissiers de justice. Et ginn der net genuch, seet de Conseil de l'Ordre vu Lëtzebuerg. Mir hunn eis eingehend mat dëser Problematik a mat den Argumenter vu béide Säite befaasst.

A Frankräich an an der Belsch ginn et proportional méi Huissiere wéi bei eis am Land, mat der Konsequenz, datt et an deene Länner méi Zwangsvollstreckunge gëtt. Mä eng Reform vun der Procédure d'exécution am Sënn vun enger Vereinfachung, ouni natierlech d'Garantië vun de Justiciairen unzetaaschten an de Recours op alternativ Modë vu Konfliktléisunge wéi d'Médiatioun oder den Abritrage, kënnen och op d'Zuel vun den Huissieren eng Influenz hunn.

Mir befannen eis also an engem Geflecht vu cause à effet, wou et nach eng ganz Rei vun Inconnuë gëtt, wou et do awer elo schlecht wier, fir der Regierung festzeschreiwen d'Zuel vun den Huissieren erop ze setzen oder d'Zuel vun den Huissieren erof ze setzen.

Dofir froe mer an enger Motioun, déi ech elo wäert deponéieren an déi vun alle Fraktioune gedroe gëtt, datt: «…invite le Gouvernement à mener une réflexion approfondie sur les différentes procédures d'exécution et de saisies dans l'optique d'une simplification de ces procédures, ainsi que sur le fonctionnement du système des huissiers de justice, et à reconsidérer le nombre des huissiers de justice au vu de l'évolution des affaires de justice et de la réforme précitée des procédures d'exécution et de saisies.»

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant le nombre proportionnellement beaucoup plus élevé d'huissiers de justice en France et en Belgique, deux pays partageant le même système juridique que le Luxembourg, avec pour conséquence un nombre plus important d'exécutions forcées;*

*- considérant que les multiples procédures d'exécution et au-delà l'ensemble de la procédure judiciaire pourraient être simplifiés pour les adapter aux besoins des justiciables;*

*- considérant qu'une telle réforme en profondeur aura naturellement des répercussions sur le nombre des huissiers de justice;*

*- considérant que la croissance constante du nombre des affaires portées en justice, si elle se confirme malgré l'introduction de la médiation ou d'autres méthodes alternatives de résolution des litiges, et nonobstant une simplification de la procédure, ne sera pas sans influence sur le nombre des huissiers de justice nécessaires au bon fonctionnement de la Justice;*

*invite le Gouvernement à*

*- mener une réflexion approfondie sur les différentes procédures d'exécution et de saisies dans l'optique d'une simplification de ces procédures, ainsi que sur le fonctionnement du système des huissiers de justice, et*

*- reconsidérer le nombre des huissiers de justice au vu de l'évolution des affaires de justice et de la réforme précitée des procédures d'exécution et de saisies.*

*(s.) Patrick Santer, Xavier Bettel, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Klein, Renée Wagener.*

Nach eng Kéier dës Motioun, vun alle Fraktioune gedroen. Dat gesot bieden ech Iech, am Numm vun der Commission juridique, den Text wéi en Iech virläit ze stëmmen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Santer. Als éischte Riedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ufänke wëll ech meng Interventioun mat engem Merci u mäi Fraktiounskolleeg Patrick Santer, deen op seng gewinnt souverän a kompetent Manéier eis esouwuel en excellente schrëftleche wéi och mëndleche Rapport virgeluecht huet. Well dës Rapporten op eng detailléiert Manéier déi eenzel Aspekter vum Dierwiechteschberuff beliichten, brauch ech also net méi op déi verschidde Punkte vun dësem Projet anzegoen, mä ka mech limitéieren op zwee Voleten, op déi ech hei nach eng Kéier wëll kuerz agoen. Dat éischt ass d'Problematik vun den Huissiers suppléants an dat anert d'Fro vun der Zuel vun den Dierwiechteren.

Wat den éischte Punkt betrëfft, ass et jo esou, an de Rapporteur huet dat och scho virdrun a sengen Ausféierunge preziséiert, datt an Zukunft also all Dierwiechter muss eng Formation universitaire hunn, déi duerch d'Cours complémentaires ofgeschloss gëtt. Dës Konditioun wäert sech also an Zukunft och op d'Suppléantë vun den Dierwiechteren applizéieren, wat allerdéngs riskéiert an der Praxis zu Problemer ze féieren. Bis elo ass et jo esou gewiescht, datt meeschtens dës Suppléanten d'Stagiairen aus deenen eenzelnen Dierwiechtesch-Etudë waren, esou datt dëse System eigentlech zu enger allgemenger Zefriddenheet fonctionnéiert huet.

An Zukunft wäert et allerdéngs kaum méi esou sinn, datt e Kandidat fir Dierwiechter, deen en ofgeschlossenen Universitéitsdiplom huet an och seng Cours complémentaires am lëtzebuergesche Recht mat Erfolleg ofgeschloss huet, während laange Joren als Stagiaire vun engem Dierwiechter schafft, wann hie gläichzäiteg d'Méiglechkeet huet als ageschriwwenen Affekot um Barreau täteg ze sinn, respektiv an d'Magistratur anzetrieden oder iwwerhaapt an d'Fonction publique. Et wäert also esou kommen, datt d'Dierwiechteschuwärter just nach dat Joer Stage bei engem Dierwiechter absolvéieren, fir dann duerno en anere Beruff auszeüben, bis se da vläicht eng Kéier eng Nominatioun als Dierwiechter kréien.

Mir kommen also hei an eng ähnlech Situatioun wéi déi vun den Notairen, wou jo och d'Uwärter op en Notairesposte während laange Joren an anere Beruffer täteg sinn, ier et dann un hiren Tour kënnt a se eng Nominatioun als Notaire kënne kréien.

An Zukunft mussen also d'Dierwiechtesch-Etuden hir Suppléanten ausserhalb vun hiren Etudë siche goen, an dëst wäert sécherlech zu enger Rei vu Schwieregkeete féieren, well jo dës Ersatzdierwiechtere während deene 14 Deeg oder dräi Wochen, wou se en Dierwiechteschberuff ausüben, net méi kënnen en anere Beruff ausüben.

Am Klortext heescht dat, datt en Affekot eigentlech misst fir dräi Woche seng Démissioun vum Barreau ginn a seng Etude komplett délaisséieren, fir de Beruff vum Ersatzdierwiechter kënnen auszeüben. D'Situatioun wäert nach vill méi schwéier gi fir d'Dierwiechteschkandidaten, déi an der Fonction publique beschäftegt sinn, sief dat an der Magistratur oder och an aneren Administratiounen, well de Statut vum Statsbeamten esou eng Méiglechkeet iwwerhaapt net virgesäit.

Mir hunn an der Kommissioun eis laang mat dësem Punkt beschäftegt, hunn allerdéngs och keng Léisung direkt virzeschloe gehat, dat ëmsou méi, well a sech den Text, dee mer haut hei diskutéieren, eigentlech näischt un der Praxis vun den Dierwiechtesch-Suppléanten ännert. Mir sinn awer zur Konklusioun komm, datt een elo emol soll ofwaarden, wéi et an Zukunft mat deene Suppléantsdierwiechtere virugeet, a wann een da sollt feststellen, datt et hei zu Enkpäss kënnt kommen, ass jo nach ëmmer Zäit fir iwwer eng Ännerung vun den Dierwiechtesch-Stagiairen nozedenken.

Ech mengen, datt mer de toute façon de Punkt vun den Ersatzdierwiechteren am enke Lien musse mat der Zuel vun den Dierwiechtere selwer kucken, well wa genuch Dierwiechteren aktiv sinn, stellt sech wahrscheinlech vill manner, wann iwwerhaapt, d'Fro no den Ersatzdierwiechteren.

Här President, dës Iwwerleeunge brénge mech dann och zu mengem zweete Froekomplex, deen ech hei wollt opwerfen, nämlech dee vum allgemenge Fonctionnement vun den Exécutiouns- a Saisiesprozeduren an an deem Kontext der Zuel vun den Dierwiechteren, esouwuel an der Stad wéi zu Dikrech.

Ech mengen dann och, datt een de Fonctionnement vun dëse Prozeduren net ka lasskoppele vun der absolut noutwendeger Zuel vun den Dierwiechteren an ech géif dann och heizou versiche verschidden Iwwerleeungen unzestellen.

Eng éischt Fro, déi ee sech an dësem Kontext muss stellen, ass natierlech déi, ob eis Prozeduren, besonnesch um Niveau vun der Zoustellung vun allméiglechen Akte respektiv Exécutiounsprozeduren, net ze vill schwéierfälleg sinn, an ob een net hei misst am Sënn vun enger méi grousser Vereinfachung verschidde Prozeduren iwwerdenken.

De Justizminister huet eis an der zoustänneger Kommissioun eng Rei Propositiounen op den Dësch geluecht, wéi a wou een esou eng Vereinfachung vun de Prozedure kënnt an d'A faassen. Fir hei nëmmen ee konkret Beispill ze huelen: Wann d'Scheedungsprozedur an Zukunft soll esou reforméiert gi wéi dat elo am Projet de loi, deen déposéiert ass, virgesinn ass, wäerten eleng an dëser Matière eng ganz Rei Zoustellunge vun den Akten ewechfalen.

Dir gesitt also, datt d'Fro vun der Zuel vun den Dierwiechteren enk zesummenhänkt mat där iwwert d'Vereinfachung vun enger Rei vu Geriichtsprozeduren, vun deenen ee se och net oftrenne kann. Et schéngt mer deemno an enger gewëssener Logik ze sinn, datt ee fir d'éischt deen Exercice mécht, am Detail ze kucken, wéi a wou een dës Prozedure vereinfacht, ier ee sech dann eng Philosophie iwwert d'Zuel vun den Dierwiechtere mécht.

Ech si mer och bewosst, dass d'Diskussioun heiriwwer keng einfach wäert ginn, well d'Eropsetze vun där Zuel vun den Dierwiechtere forcément zu enger méi grousser Konkurrenz géif zwëschent den Dierwiechtere féieren an domadder d'Exécutiounsprozeduren och riskéiere méi energesch bedriwwen ze ginn, wat sécherlech zur Konsequenz kéint hunn, datt mer an Zukunft nach méi Faillitë géife kréien an och vläicht méi Haushalter géife ruinéiert ginn.

Op där anerer Säit hu besonnesch awer d'Affekoten oft Problemer fir en Dierwiechter ze fannen, deen nach eng Zoustellung mécht, wat och net onbedéngt zum gudde Fonctionnement vun eisem Justizwiese bäidréit. Et dierf een dann och net vergiessen, datt, wann d'Zuel vun den Dierwiechteren an de leschte Jore méi oder wéineger stabel bliwwen ass, déiselwecht Zuel vun den Affekoten sech vervéierfacht huet.

Wann een d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg mat där vun eisen Nopeschlänner vergläicht, esou muss ee feststellen, datt d'Zuel vun den Dierwiechteren an der Belsch an a Frankräich substanziell méi héich ass, wat natierlech dann och d'Zuel vun den Zwangsexécutioune vergréissert.

De Constat, deen ee muss maachen, schéngt mer en dueblen ze sinn, nämlech deen, datt d'Situatioun, esou wéi mer se am Moment kennen, sécherlech net zefriddestellend ass, besonnesch fir d'Affekoten, mä op där anerer Säit een d'Problemer awer net all ka léisen duerch eng einfach Erhéijung vun dëser Zuel vun den Dierwiechteren.

Ech géif dofir plädéieren, Här Minister, datt esoubal wéi méiglech d'Reflexiounen iwwert de Fonctionnement vun eise Prozedure virugefouert ginn an natierlech och heirauser Konklusioune gezu ginn. Op kee Fall, an dat soen ech awer grad esou kloer an däitlech, ass d'Ophiewe vun der Limitatioun eng Léisung, grad esou wéineg d'ailleurs wéi d'Ännerung vum Statut vun den Dierwiechteren am Sënn vun enger Privatiséierung.

Sécherlech, och wann eng Rei vun Defiziter bestinn, esou si mir bis elo mam System, datt den Dierwiechter en Officier ministériel ass, net schlecht gefuer a mir sollen och fundamental bei dësem System bleiwen.

Dat gesot, wëll ech nach den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Mosar. Als nächste Riedner ass elo den Här Jempy Klein ageschriwwen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci dem Rapporteur fir dee gudde Rapport iwwert d'Dierwiechteschwiesen, deen hien hei virgedroen huet.

Den Dierwiechter ass en Auxiliaire vun eiser Justiz an huet eng bedeitend Roll ze spillen an eisem Geriichtswiesen. En huet e Service public auszeféieren, an dofir ass och schonn d'Fro gestallt ginn, ob d'Exécutioun vun dësem Service public net sollt vum Stat geleescht ginn an an den Hänn vu Fonctionnairë sollt leien, déi dës Tâche ausféiere sollten.

An deem Sënn ass schonn 1966 doriwwer geschwat ginn. E Groupe de travail ass agesat ginn ënnert der Presidenz vum deemolegen eminente Magistrat, dem Här Henri Delvaux. Dee Groupe de travail ass zur Konklusioun komm, fir dem Beruff vum Dierwiechter e liberalen an onofhängege Charakter ze loossen. Deemools goufen et allerdéngs och aner Stëmmen, déi de Géigendeel gesot hunn, dass dëse Service sollt an d'Hänn vum Stat kommen a vu Fonctionnairë sollt ausgefouert ginn. Dat war d'Meenung zum Beispill vum deemolege Procureur général, dem Här Huss.

D'Avantagë vun esou engem System? Eng besser Organisatioun vun der Verdeelung vun deene verschiddenen Tâchen, keng Konkurrenz tëschent den Acteuren, e gläichgestalltent Akommes, manner Käschte fir d'Benotzer, méi eng prompt Ausféierung vun der Aarbecht.

D'Désavantagë waren deemools och opgelëscht ginn. Um Niveau vun de Geriichter méi Gebailechkeeten, nei Kaderen an der Statsbeamtestruktur, méi Dépensen, déi de Statsbudget belaascht hätten.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Et ass also beim ale System bliwwen, beim liberalen onofhängege Beruff. Allerdéngs hunn d'Konditioune variéiert a si méi streng ginn.

Vun 1990 un ass den Ofschloss vum Premièresexame gefrot ginn. Säit 1990 huet villes geännert. D'Prozedursgesetzer si méi heefeg ginn, méi komplizéiert. Nei Gesetzer, déi den Dierwiechter net onberéiert gelooss hunn, sinn agefouert ginn. Méi Uerteeler, méi Affären, méi Assignatiounen. Mir gesinn dat och un der Zuel vun den Affekoten. Et si vill méi Affekoten zu Lëtzebuerg. Et schéngt, dass de Sträit méi grouss ginn ass ënnert de Leit hei zu Lëtzebuerg. Méi Uerteeler gi geholl. Och si méi Kenntnisser vun den Dierwiechtere verlaangt.

Et ass also nëmme logesch, fir méi eng héich Formatioun vun den Dierwiechteren ze verlaangen, nämlech eng Maîtrise en droit mat der Sanktioun vu Cours complémentaires en droit luxembourgeois. Dat entsprécht der Formatioun vun den Dierwiechteren am Ausland, wéi zum Beispill an der Belsch an a Frankräich. Déi méi héich Formatioun ass am Intérêt vun enger gudder Aarbecht vun den Dierwiechtere selwer a besonnesch vun de Benotzer vun dësem Dingscht.

Bei dëser Geleeënheet hate mer och geschwat iwwert d'Eropsetze vun der Zuel vun den Dierwiechteren au vu vum Zouhuele vun den Affären. De Conseil de l'ordre huet och gefuerdert fir d'Zuel vun den Dierwiechteren eropzesetzen. D'Chambre des Huissiers huet allerdéngs Argumenter gehat, fir dat net ze maachen. Mir als Fraktioun hätten och éischter tendéiert fir d'Zuel vun den Huissieren erop ze setzen, mä opgrond vun der Motioun vum Rapporteur, dem Här Santer, déi d'Regierung invitéiert fir d'Prozeduren ze vereinfachen an au vu vun dem Resultat, wat do erauskënnt, fir d'Zuel vun den Dierwiechteren doropshin ze adaptéieren, kann een dermat d'accord si fir ze waarden. Mir maachen allerdéngs Appel un d'Regierung fir op deem Plang virun ze maachen, fir dass do eng Décisioun ka geholl ginn.

Et ass och reglementéiert ginn, d'Associatioun vun Dierwiechteren an och à juste titre d'Formatioun vun den Huissiers suppléants. Dat sinn nei Dispositiounen, déi an dësem Projet de loi virgesi sinn.

Ech wollt awer nach Folgendes bäifügen. De Beruff vum Dierwiechter ass keen einfache Beruff, ass oft ganz komplizéiert. Et ass e schwéiere Beruff. Si kommen an delikat Situatiounen. Si hu vill Kontakt mat allerlee Leit, mat Débiteuren, déi onglécklech gi sinn, oft ongewollt oder duerch Onvirsiichtegkeet. Do muss den Dierwiechter oft vill Fangerspëtzegefill beweisen. Déi eng hunn ës, déi aner hu keent oder beweise keent. Déi eng maachen et méi, déi aner manner.

Jiddefalls sinn se heiansdo oder souguer oft onglécklech, wa se esou Débiteuren ze traitéieren hunn a se weise net ëmmer déi néideg Begleedung. Et kënnt dofir och en noble Beruff sinn, well se kënnten deene Leit, déi an der Nout sinn, en détresse sinn, hëllefen. An deem Sënn weisen se net ëmmer deen néidege Savoir-vivre. Ech schwätzen net vun hinnen alleguer, mä vu verschiddenen. Mir gesi jo och an de Gemengen, wéi se sech do presentéieren, mat wat fir enger Violenz, mat wat fir enger Heftegkeet se oft do optrieden, an net ëmmer dee richtege Comportement vis-à-vis vun deene Leit hunn, mat deenen se ze traitéieren hunn.

Oft kéint ee sech virstellen, dass se missten, ier se den Exercice vun deem Beruff géinge virhuelen, e wéineg Notiounen oder e Cours an der Psychologie kréien. Ech hat d'Propositioun an der Commission juridique gemaach, fir mat enger Vertriedung vun den Dierwiechteren emol zesummenzekommen, fir doriwwer ze schwätzen. De President vun der Kommissioun huet deem Wonsch awer net entsprach, a war net d'accord fir se ze ruffen. Bei där Geleeënheet hätt ee kënnen iwwer hiert Optriede bei de Leit schwätzen.

Dat gesot, wollt ech zu dësem Projet de loi, deen op verschiddene Plänge vill Verbesserunge brëngt am Interesse vun den Dierwiechtere selwer an am Intérêt vun den Usageren, Compte tenu vun där Motioun, déi den Här Santer abruecht huet, den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

Une voix.- Neen, den Här Bettel.

M. le Président.- Entschëllegt, den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech schwätzen elo a mengem Numm a liese kengem seng Ried méi vir.

Ech wëll fir d'éischt dem Här Santer merci soe fir säi mëndleche Rapport selbstverständlech, awer och säi schrëftleche Rapport huet mer ganz gutt gefall. Ech fannen e komplett. Een, deen esouguer net vill vun Droit versteet, versteet wat dra steet, wat net oft de Fall ass an der Juristerei, an en ass en plus op eng flott Aart a Weis geschriwwen. Dowéinst am Numm vun eiser Fraktioun, jiddefalls a mengem perséinlechen Numm e grousse Merci.

Ech wäert Iech virun allem elo aus Avisen zitéieren, déi mer gefrot haten. Déi eng Saach ass d'Formatioun vun den Dierwiechter. Et ass ëmmer schwéier als Drëtten ze schwätzen, als Véierte souguer nom Rapporteur, well et ass da scho ganz vill gesot ginn. D'Formatioun ass selbstverständlech wichteg. Bei där Responsabilitéit vum Huissier, déi en a senger Aarbecht huet, muss d'Formatioun immens komplett sinn. Véier Joer Droit, also eng Maîtrise en droit, oder an der Belsch déi fënnef Joer plus de Cours complémentaire en droit luxembourgeois. Et ass eng wichteg Saach fir den Huissier, fir dass hie seng Aarbecht och richteg exercéiere kann.

Esou wéi den Här Mosar et scho virdru gesot huet, an ech muss him do Recht ginn, gëtt et awer komplizéiert mat där Dispositioun iwwert d'Huissiers suppléants. Ech hat dat och schonn an der Kommissioun gesot. Et gëtt net einfach een ze fannen, deen d'Méiglechkeet huet eng aner Aarbecht ze maachen a während enger Vakanz, wou den Huissier net do ass, dann als - verstitt et net falsch - Sous-fifre, als Stagiaire, oder wéi een et wëllt nennen, kënne benotzt ze ginn. Ech ka mer kaum virstellen, dass där vill do sinn. Ech weess net, ob dat eng Léisung ass, déi mer elo am Text zwar hunn, déi vill wäert a Kraaft trieden.

Ech wëll och op d'Zuelen an op d'Renseignementer agoen, déi mer kritt hunn an der Commission juridique. 1985 goufen et 20 Huissieren an 1996 19 Huissieren. A wann een d'Huissiers de justice suppléants kuckt, da wieren et der am Ganzen 25. Esou steet et op jidde Fall an deem Text, dee mer kritt hunn.

Ech wëll dann awer och soen, dass 1981 253 Affekoten zu Lëtzebuerg waren. 1991 waren 352 Affekoten hei zu Lëtzebuerg, 2001 777 Affekoten, um 2. Mee 846 a wann ech richteg sinn, op den heitegen Dag wäerte mer net wäit vun 1.000 Affekoten um Barreau hei zu Lëtzebuerg ewech sinn. Ech schwätze just vum Barreau vu Lëtzebuerg. Wann Der dat eleng schonn héiert, vun enger Zuel vun 253 op 1.000 Affekoten, dat heescht mir hunn an 20 Joer 4-mol méi Affekoten hei am Land, esou bedeit dat selbstverständlech méi Prozeduren, et si méi Saachen ze maachen, an dofir ass och déi Motioun, déi den Här Santer déposéiert huet, ze ënnerstëtzen.

Ech verstinn och, dass d'Huissierë soen, dass si keen einfache Beruff hunn. Ech ka mer dat virstellen. Si soen och, mir hätten als Affekoten ëmmer esou eng zweedäiteg Roll, well op där enger Säit wa mer géife fir deen, dee Sue géif kréien, mandatéiert sinn, da wier alles ëmmer ze lues an d'Affekoten hätte gären d'Sue gëschter schonn, déi se haut eréischt froen, an op där anerer Säit, wann een dann een huet, deen d'Sue schëlleg ass, dann hu mer de Contraire, dann hätte mer gäre méi Gedold vum Huissier, dass hie soll d'Saach an d'Längt zéien, fir dass d'Rechnung net muss direkt bezuelt ginn.

Bon, op jidde Fall feelt et un Huissieren. Et ass net ëmmer einfach un en Huissier ze kommen. Dat ass jo och hei erauskomm an ech mengen, déi meescht, déi dora schaffen, hu jo schonn d'Erfahrung gemaach.

Ech verstinn awer och d'Frustatioun vun den Notairen, déi an hirem Text soen, dass et net ëmmer einfach ass Notaire ze sinn an op ganz insaluber a moche Plaze mussen ze fueren, fir ze kucke Saachen eranzekréien.

Op jidde Fall, als Konklusioun vu menger klenger Interventioun hei, am Intérêt vum Justiciable, am Intérêt vun der Funktioun vun der Justiz, wier et besser, wann Der déi Motioun géift stëmmen, an dass d'Zuel vun den Huissierë misst op d'mannst e bësse gehéicht ginn.

Da kënnt ech awer och déi fundamental Fro stellen, ob ee wierklech muss bei all deene Prozedursaachen, déi an engem Prozess sinn, nach en Huissier gebrauchen. Fir Qualitéiten braucht een en Huissier, fir déi ofzeginn. Et sinn esou vill Matièren an engem Prozess, wou et wierklech onnëtz ass an en plus dem Justiciablen nach Käschte bréngt, déi wierklech net misste sinn. Dofir wier et vläicht gutt sech an der ganzer Procédure civile eng Kéier d'Fro ze stellen, ob et net besser wier do e bëssen ze opzefrëschen an den Text nozekucken, fir ze évitéieren, datt justement esou vill Käschten an esou vill Prozeduren entstinn. Ech mengen, hei ass jo awer jiddereen an der Cour an och an der Commission juridique eens, dass déi wierklech onnëtz sinn se nach ze hunn.

Op jidde Fall bréngen ech heimat och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

M. le Président.- Als nächste Riedner huet elo den Här Jacques-Yves Henckes d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi wichteg Neierungen, déi mer an dësem Gesetzesprojet hunn, ass éischtens déi, datt d'Dierwiechtere mussen an Zukunft eng Formation universitaire hunn an déi zweet, dass se sech kënnen offiziell associéieren. De Rapporteur huet hei schonn drop higewisen, datt et noutwendeg ass, datt mer déi Législatioun virhuelen, esou datt mer och mat senge Konklusiounen d'accord sinn an ech den Accord vun onser Fraktioun zum Gesetzesprojet wollt bréngen.

Nach muss een awer op e puer Problemer an der Exekutioun an an de Missioune vun den Dierwiechteren agoen. Ech si frou, datt mer an der Commission juridique ons eens konnte maache fir eng Motioun ze ënnerschreiwen, alleguerte mat ze droen, déi d'Regierung opfuerdert fir déi ganz Problematik vun der Zuel vun den Huissieren, vun der Voie d'exécution nach eng Kéier op de Métier ze huelen. De Problem ass net einfach. En ass komplex. Wa mir higinn a mir reduzéieren d'Zuel vun den Zoustellungen, da wäert et als Konsequenz hunn, datt mer natierlech manner Dierwiechtere brauchen, keng Zuel an der Erhéijung vun den Dierwiechtere brauchen, par contre wäert et dozou féieren, datt d'Dierwiechteren deen Ablack mat der berechtegter Fuerderung komme fir d'Honorairen an d'Fräen op aneren Zoustellungen nees gehéicht ze kréien. Doduerch ass eng global Reflexioun noutwendeg.

Ech géing awer och drop insistéieren, datt d'Regierung sech eng Kéier muss d'Fro stellen, wat iwwerhaapt de Montant vu verschiddenen Zoustellungen ausmécht, fir deen nach eng Kéier a Fro ze stellen. Wuerfir? Mä well bei verschiddene Montanten, déi notamment iwwer Ordonnance de paiement zougestallt ginn, dat heescht déi klenger Montanten, ganz oft d'Frais de huissier, d'Frais de justice e Multiple vun deem si wat de Montant principal ugeet. Do musse mer ons eng afale loossen. Do musse mer kucken, ob mer dat doten net revidéiert kréien ënner verschiddene Konditiounen an notamment am Kader vun dem Gesetz iwwert de Surendettement.

Well et ass an deene Fäll do, wou sech Schwieregkeete stellen, wou ee gesäit, datt just Leit mat klenge Revenuen duerch déi enorm Käschte vun den Dierwiechteren dann heiansdo a finanziell Schwieregkeete kommen, esou datt ech wierklech hoffen, datt d'Regierung sech déi Motioun, déi mer hei eraginn hunn, zu Häerzen hélt, well si ass immens komplex a mir brauchen hei verschidden Donnéeën ier mer kënnen als Législateur eng Reform duerchzéien.

Wichteg schéngt mer och ze sinn, datt mer d'Prozedure vun de Voies d'exécution nach eng Kéier duerchkucken. Mir hunn alleguerten héieren, datt a leschter Zäit verschidden Dysfonctionnementer geschitt sinn, datt en Dierwiechter eng Saisie exécutéiert huet, obwuel an der Tëschenzäit Appel oder eng Oppositioun géint eng vu sengen Zoustellunge war. Dat kann heiansdo sech erklären, well iergendwéi en Délai ze kuerz war, eng Informatioun net zirkuléiert huet an dofir musse mer déi ganz Problematik och nach eng Kéier op de Wee bréngen, well déi Réglementatioun, déi mer hunn, ass ganz evident iwwerholl.

Mir mussen se nei formuléieren, och wat d'Délaien ugeet. Ech hoffen, datt mer am Zäitalter vum Internet, vun enger Moderniséierung vun onser Justiz et och wäerte fäerdeg bréngen fir bei de Voies d'exécution, bei den Zoustellunge vun den Dierwiechter, beim onnëtzen Droit de timbre, eng konkret Propositioun vun der Regierung virgeluecht ze kréien, fir endlech eng modern Justiz och an de Voies d'exécution kënnen ze realiséieren.

M. le Président.- Als lescht Diskussiounsriednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President, mir sinn eis all eens, dass Verbesserungen néideg si wat de Beruffsstand vun den Huissierë betrëfft an dofir begréisse mir vum Prinzip hier och déi Reform, déi vun der Regierung virgeschloe ginn ass. Mir stellen awer mat aneren, wéi mer elo de Moie scho gehéiert hunn, fest, dass déi Virschléi vun der Regierung net terribel wäit ginn. Si betreffen d'Formation initiale, si betreffen d'berufflech Qualifikatioun an d'Diplomer, déi ee muss hunn, fir dee Beruff auszeüben, d'Méiglechkeet fir d'Huissieren sech ze associéieren. Si schafen e Kader fir de Huissier suppléant. Si maachen och de Versuch fir d'Problematik vun der Zuel vun de Huissieren an de Grëff ze kréien, déi duerch Règlement grand-ducal fixéiert ass.

Méi fundamental A-Fro-Stellunge vum System, wéi mir en haut zu Lëtzebuerg kennen, geschéien awer net, an dofir hu mer als Gréng och déi Motioun ënnerschriwwen, déi elo scho presentéiert ginn ass, wou gefrot gëtt, dass awer Reflexioune vu méi enger fundamentaler Natur iwwert dee System gefouert ginn.

Just eng Klammer, och well ech elo déi verschidde Reformen ugeschwat hu vun der Regierung. Ech hunn d'berufflech Qualifikatioun ugeschwat an och d'Formatioun. Do stellt sech, an déi Fro hunn ech

an der Kommissioun och opgeworf, d'Fro vun deenen Huissieren, déi haut schonn am Beruff sinn, wou jo eigentlech bei verschiddenen zumindest en Ënnerscheed entsteet zu deenen Huissieren, déi dann deemnächst agestallt ginn. Do muss ee sech natierlech d'Fro stelle wéi een déi Diskrepanz kann an de Gréff kréien, ob eng Formation continue organiséiert gëtt.

D'Zuel vun den Huissieren, och dat ass schonn hei gesot ginn, ass a Fro gestallt. Mir sinn deene Leit hirer Meenung, déi mengen, datt se ze niddreg wär. Mir kruten an der Kommissioun och gesot, dass zum Beispill a Frankräich oder an der Belsch, déi en ähnleche System hu wéi mir, déi Zuel proportional vill méi héich ass par rapport zu der Bevölkerung.

Et muss ee sech och Froe stellen, wann ee liest, dass vun deenen 19 Huissieren, déi mer am Land hunn, der zwee zoustänneg si fir de ganzen Distrikt Dikrech a 17 fir Lëtzebuerg. Do stellen sech mir awer ganz kloer Froen. Dat wor vläicht nach adaptéiert un d'Situatioun virun 10, 20 oder 30 Joer, mä mëttlerweil kenne mer awer eng Entwécklung vum Norde vum Land, wou ee ka feststellen datt d'Bevölkerungszuelen extrem staark an d'Luucht ginn, oder jiddefalls méi staark wéi an anere Géigenden. Esou datt ee sech d'Fro ka stellen, ob dat doten nach der Situatioun ugepasst ass.

D'Fro stellt sech awer och, ob een haut nach fir bestëmmten Akten a Modifikatiounen Huissierë braucht. Déi Fro ass virdrun och vum Här Bettel opgeworf ginn. Kéint een do net eng ganz Rei Saachen op anere Weeër léisen? Ech hunn heiansdo d'Gefill, wann ech déi Texter gelies hunn, dass dat eng Prozedur ass, déi nach aus dem 19. oder ech weess net wéi engem Jorhonnert staamt an déi a ville Fäll eigentlech guer kee Sënn méi mécht, ausser vläicht dann deem, engem Beruffsstand en Akommes ze erlaben.

D'Problematik vum Tarif, dass eng Rei vun Tariffer scho relativ héich sinn, an dass se da géifen an d'Luucht eventuell goen, wa mer eppes géifen un der Zuel vun den Huissieren änneren, stellt sech natierlech. D'Fro stellt sech awer, ob de System u sech net misst a Fro gestallt ginn.

Mir kruten an der Kommissioun och gesot, dass a Frankräich an och an Däitschland aner Systemer existéieren. Zum Beispill an Däitschland gëtt déi Aarbecht do vu Statsbeamten erledegt, an dat ass wierklech eng Fro, déi ech hei wéilt opwerfen, ob et net méi sënnvoll wär op dee Wee ze goe wéi eis däitsch Noperen dat maachen. Dat hätt de Virdeel, dass de Stat selwer kann de Volume vun der Aarbecht mat der Zuel vun deenen noutwendegen Aarbechtskräften an deem Beräich ofstëmmen. Et wär och vläicht méi bëlleg. Et wär méiglech méi eng grouss Kontroll iwwert den Aarbechtsstil vun deene Beamtinnen a Beamten, déi dat da géife maachen, ze kréien, an dorobber kommen ech vläicht herno nach eng Kéier zréck. Et wär och méi einfach ze iwwerpréife wéi eng Modifikatiounen iwwerhaapt haut nach noutwendeg sinn, an et kéint ee vläicht och déi sozial Situatioun vun deene Leit, déi hei betraff sinn, anescht berücksichtege wéi dat duerch Leit, déi dat als liberalen oder quasi liberale Beruff maachen, ka geschéien.

Mir hunn zu Lëtzebuerg am Fong eng Aart hybride System. Engersäits gëtt verlaangt, dass ee Lëtzebuerger muss sinn, et sinn eigentlech déiselwecht Konditioune quasi wéi fir e Statsbeamten, vläicht sinn se esouguer nach e Krack méi streng, well et ëm déi Statsbeamten da geet, déi mussen haut nach Lëtzebuerger sinn, an deem neien Text ass dat och esou ageschriwwen. Déi Fro ass awer och opgeworf ginn, ob een eigentlech muss, fir deen doten Job auszeüben, d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, an ech mengen och, datt se um europäeschen Niveau diskutéiert gëtt. Et iwwerrascht net, datt d'Lëtzebuerger Regierung dat awer esou festgehalen huet.

Op där anerer Säit gëtt dann op den Akt bezuelt wéi soss an engem liberale Beruff. Et gëtt dann erëm zueleméisseg Limitatiounen, wou d'Fro och opgeworf ginn ass, ob déi Limitatioun eigentlech compatibel mat eiser Constitutioun wär. Et gëtt Tariffer, déi a verschiddene Fäll fixéiert sinn, an aneren net. Et gëtt eng Altersgrenz vun 72 Joer, wéi bei den Notairen. Et kann ee sech och d'Fro stellen, ob dat bei deem dote Beruff esou sënnvoll ass.

Op alle Fall ass dat e System, deen ee schwéier kann aklasséieren, mä deen awer eng ganz Rei vu Froen opwerft, a wéi gesot, wann déi Motioun hei ugeholl gëtt a wann d'Regierung invitéiert gëtt fir weider Reflexiounen iwwer eise System ze féieren, da géife mer ganz staark recommandéieren sech ze iwwerleeën, ob een net an deem heite Fall emol eng Kéier a Richtung vun enger Verstaatlechung vun deem Beruff sollt goen.

Ech kéim dann nach op zwee méi punktuell Aspekter vum Projet ze schwätzen. Bei deem éischte wéilt ech mech direkt outen als Mataarbechterin vun enger Wochenzeitung. Mir hunn nämlech doriwwer geschwat a wéi enger Form, dass verschidden Décisioune publizéiert misste ginn.

Am éischten Text, dee mer virgeluecht kritt hunn, do stoung, dass dat sollt an zwou, mengen ech, oder verschiddenen Dageszeitungen a Périodiquë geschéien. Deen Text ass op Wonsch vum Conseil d'Etat ofgeännert ginn, wou dann elo just nach festgehale ginn ass, dass dat Journaux solle sinn. Do stellen sech nëmme méi zwou Froen. Dat éischt ass déi vun der Semantik, well Journaux, wann ee sech e bësse mat der Wëssenschaft ausernaner setzt vun de Bicher an den Zeitungen oder de Périodiquen, fir méi prezis ze sinn, da weess een, dass Journaux net onbedéngt e Quotidien heescht, wéi dat de Conseil d'Etat behaapt huet. Da misst een eigentlech wierklech dohinner schreiwen «dans différents quotidiens» oder «dans deux quotidiens». Dat ass net de Fall an ech stelle mer d'Fro, wann ee géif wéinst där doter Terminologie viru Geriicht goen, ob een dann net awer géif Recht kréien.

Déi zweet Fro ass déi, firwat dat eigentlech esou agegrenzt gëtt. D'Regierung hat dat jo am Ufank net wëlles, dat ass sécherlech en Nodeel fir Wochenzeitungen, an d'Argument, dass dat onbedéngt misst an enger Dageszeitung publizéiert ginn, doriwwer léisst sech diskutéieren, vu datt mer och eng ganz Rei vun aneren Avisen an Texter hunn, déi och a Wochenzeitunge publizéiert ginn.

Dee leschte Punkt, Här President, betrëfft d'Kriticke vis-à-vis vum Huissiersstand. Den Här Klein hat virdru schonn op déi Problematik higewisen. Dee ganze soziale Kontext, an deem mer hei oft dra sinn, huet d'Kommissioun am Fong op der Säit gelooss. Ech hat deen Thema och an der Kommissioun opgeworf, ob mer net missten iwwert déi reng technokratesch Aspekter vun deem Projet hei eraus goen an eis och a Kenntnis setze vun der Situatioun, wéi se dobaussen um Terrain ass, eventuell mat Leit schwätzen, déi déi Situatioune méi konkret kennen.

Ech denken u Services endettement oder Sozialaarbechter, Sozialaarbechterinnen, vläicht sinn och an de Gemenge Leit, wéi den Här Klein dat ugeschwat huet, déi do méi matkréien. Dat ass awer ofgeleent ginn, an ech denken, dass et awer e ganz wichtege Sujet gewiescht wier mat deem mir eis als Commission juridique och hätte sollen ausernaner setzen.

Een Thema ass zum Beispill dat vun der Conciliatioun, ob een net kann awer nach op aner Weeër goe wéi deen, deen da schlussendlech ëmmer erëm usteet, datt d'Leit virun d'Dier gesat ginn an hiert Hab und Gut mat hinne mat.

D'Fro hätt sech och hei gestallt iwwert déi heiansdo exorbitant Tariffer, ob déi wierklech ëmmer adaptéiert sinn. Ech bedauere ganz staark, dass mer deen Effort net gemaach hunn. Mir hunn aner Beräicher, wou mer Leit an d'Kommissioun ruffen. Ech fannen, dass dat oft ganz selektiv geschitt.

Här President, trotz dëse Remarken, wéi gesot, wäerte mer dëse Projet mat stëmmen, well en eng Rei vu punktuelle Verbesserunge bréngt. Mir ënnerstëtzen all déi Leit, déi méi wäit wëlle goen a méi eng fundamental Reform vun deem System wënschen.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'éischt och am Numm vun der Regierung e Merci un de Rapporteur Patrick Santer an un déi aner Kolleegen aus der Commission juridique, déi dëse Projet analyséiert hunn an hei diskutéiert hunn.

Fir d'Regierung huet dëse Projet zum Haaptzil, fir d'Organisatioun an d'Formatioun vun den Huissiers de justice ze verbesseren. Ech stellen hei fest, aus deenen Débatë vun de Moien, datt dat déi grouss Zoustëmmung am Parlament fënnt.

Ech mengen, datt dee Beruff, souwéi vill aner Beruffer, haut mat enger méi komplexer juristescher Aarbecht konfrontéiert ass, wéi dat vläicht am leschte Jorhonnert de Fall war, an dofir mengen ech gi mer hei e Schrëtt, besonnesch wat d'Organisatioun a wat d'Formatioun ubelaangt, méi wäit wéi an der Vergaangenheet. Ech mengen, et ass e gudde Schrëtt fir dee Beruffsstand besser ze outilléieren, där komplexer Aarbecht kënnen entgéint ze trieden.

Da sinn haut de Moien hei eng Rei Observatioune gemaach ginn iwwert d'Prozeduren. Am Numm vun der Regierung huelen ech gären déi Motioun un. Ech wëll Iech just soen, datt déi Vereinfachung vun de Prozedure liicht an engem Débat an der Chamber gesot gëtt, mä an der Ëmsetzung vill méi schwiereg ass.

Mir hunn am Justizministère e Groupe de travail mat Affekoten, mat Riichteren, dee schonn eng länger Zäit dorunner schafft an deen net richteg weiderkënnt, an dofir, wann ech d'Recht hätt eng Motioun och dem Parlament virzeleeën, da géing ech d'Commission juridique invitéieren och der Regierung bis, loosse mer soen, zum Beispill Oktober, November eng Rei Suggestiounen ze maachen, well do, grad och an där Kommissioun, ganz vill Affekoten dra sinn, déi och géinge breet Ënnerstëtzung fannen.

Ech stellen nämlech oft fest, datt esoubal een iergendeng Prozedur ännert, een aneren am Grupp seet: Mä dat do ass da géint d'Rechter vun deem heiten oder deem doten. Den Equiliber fannen ass also ganz schwiereg. Ech schieben domadder net d'Aarbecht zréck vum Exécutif op de Législatif, mä ech wär dankbar fir Suggestiounen, déi an deem dote Kontext kënnten am Kader vun deenen Aarbechten, déi d'Regierung mécht fir eng Vereinfachung vun de Prozeduren ze realiséieren, eng breet Ënnerstëtzung am Parlament fannen.

Ech hunn op jidde Fall wëlles bis Enn vum Joer eng Rei vun deene Procédures d'exécution an e Projet de loi anzebauen. A wéi gesot, wa mer do kënnte gutt Suggestioune virgeluecht kréien, déi eng breet Ënnerstëtzung vum Parlament kënnte fannen, net vun engem oder deem aneren Deputéierten nëmmen, da wär dat hëllefräich an dofir géing ech lech schonn am Viraus e Merci soen, grad esou wéi ech merci soen, datt dëse Projet hei esou eng breet Zoustëmmung am Parlament fënnt.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4919 a stëmmen doriwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4919.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4919 ass mat 55 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Fred Sunnen), Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. John Schummer), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Jean Asselborn), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jean-Pierre Klein), Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch (par M. Jean Huss), Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mir hunn nach d'Motioun 1 virleien, zu där de Minister elo grad Erklärunge ginn huet.

***Motion 1***

Mir maachen e Vote par main levée.

***Vote***

Wie fir d'Motioun 1 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, d'Motioun 1 ass eestëmmeg ugeholl.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Moien ukomm. Déi nächst Sitzung ass de Mëtteg a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 11.45 heures)***

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber online op
www.chd.lu

## Ordre du jour

1. Communications
2. 5082 - Projet de loi complétant la loi du 25 juillet 2002 concernant le remplacement des instituteurs de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire

   *(Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
3. 4818 - Projet de loi portant approbation de l'Accord cinématographique entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République Française et des Annexes 1 à 5, signés à Cannes, le 18 mai 2001

   5025 - Projet de loi portant approbation de l'accord de coproduction audiovisuelle entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République fédérale d'Allemagne, signé à Berlin, le 14 juin 2002

   Présentation d'un bilan sur l'industrie cinématographique luxembourgeoise par M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications

   *(Rapport de la Commission des Media et des Communications - Discussion générale - Lecture du texte des projets de loi - Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel - Motion)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Anne Brasseur et M. François Biltgen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Matdeelung ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

## 1. Communications

Ech wollt der Chamber folgend Kommunikatioune maachen:

1) En date du 2 juillet 2003, des représentants des organisations APESS, FEDUSE/CGFP, SEW/OGB-L ont remis la pétition N° 253 pour des structures de participation authentique au sein des lycées et lycées techniques.

2) Madame Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, a déposé en date du 3 juillet 2003 le projet de loi N° 5174 portant création de Maisons d'Enfants de l'Etat.

Mir hunn als éischte Punkt um Ordre du jour d'Diskussioun vum Projet de loi 5082 iwwert d'Ersetze vun de Schoulmeeschteren a Léierinnen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Zanussi, Bettel, Henckes, Garcia an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Agny Durdu.

## 2. 5082 - Projet de loi complétant la loi du 25 juillet 2002 concernant le remplacement des instituteurs de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire

***Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports***

Mme Agny Durdu *(DP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun ongeféier engem Joer stonge mer hei an der Plénière an hunn diskutéiert iwwer e Projet de loi, wou mer probéiert hunn d'Situatioun vun de Chargés de cours ze regulariséieren. Ech erënneren drun, datt mer am Kader vun deem Projet de loi festgehalen haten, datt d'Chargés de cours, déi bestëmmten Ausgangspositiounen hätten an nach géife Coursë mat Examen oder mat Tester ofleeën, kéinten an eng Réserve nationale kommen, wou se da géifen de Statut vum Employé de l'Etat kréien.

Dee Gesetzesprojet ass kontradiktoresch hei an der Plénière diskutéiert ginn. E war am Viraus analyséiert gi vun esou munche Syndikater an och vu ganz ville responsable Leit aus de Ministèren, mä dach huet sech ganz séier erausgestallt, datt mer awer an deem Gesetz eng Lacune hätten, wann et sech géing ëm d'Reconstitutioun vun der Carrière vun deene Chargéen dréinen, déi an d'Réserve nationale kéinten opgeholl ginn. Aus deem Grond huet d'Regierung dëse Projet de loi deponéiert, wou mer op den Artikel 7, Paragraph 6 renoncéieren, deen am Gehältergesetz festgehalen ass.

An dësem Projet gouf op zwee ganz bestëmmt Punkte reagéiert. Doriwwer eraus hu mer an den Diskussiounen an der Kommissioun mat der Regierung op dräi aner Punkte geäntwert, déi ech hei wéilt énuméréieren.

Eng éischt Problematik, déi sech gestallt huet mat de Chargéen, war déi, datt am Prinzip all Persoun, déi aus dem Privatsecteur an de Secteur public kënnt, hir Carrière frësch berechent kritt. Se kritt eng Anciennetéit aus dem Privatsecteur bis zu 12 Joer gutt gehalen. Or, et huet sech awer erausgestallt, datt eng Partie Chargéen, déi Kandidat ware fir an d'Réserve nationale, méi eng grouss Anciennetéit hate wéi 12 Joer, esou datt si am Fong geholl an hiren Intérêtë léséiert wären.

Zweet Problematik, déi sech gestallt huet, datt d'Reconstitutioun vun der Carrière och nëmme méiglech war bis zum Alter vu 55 Joer. Doriwwer eraus ass keng Reconstitutioun méi méiglech, wann een am Droit commun géif bleiwen. Dat war deen zweete Grond, firwat datt dëse Projet de loi deponéiert ginn ass.

An der Kommissioun hu mer de Projet de loi, esou wéi mer e presentéiert kritt hunn, analyséiert. Den Avis vum Statsrot war positiv. Op Basis vun deenen Erkenntnisser war am Fong geholl an der Kommissioun keng gréisser Diskussioun.

Am Kader vun deenen Diskussiounen sinn awer vun der FNCTTFEL eng Partie Remarke gemaach ginn. Do waren dräi Problemer opgeworf ginn, déi mer mam Ministère diskutéiert hunn an eng Äntwert drop kritt hunn.

Deen éischte Punkt, deen den drëtte Punkt ass vun der Reform, déi kënnt: Wann d'Carrière reconstituéiert gëtt, wat ass bei de Chargéen, déi nëmmen eng hallef Tâche hate bei de Gemengen, well bis dato gouf et jo am Fong geholl beim Stat keng hallef Tâchen?

Mir hunn eis iwwert déi Problematik informéiert, hunn eis berode gelooss a kruten erkläert, et wier wichteg, datt de Projet de loi 5082 gestëmmt géif awer d'Entrée en vigueur nom Projet de loi 4891 kéim, dee jo hei an der Plénière den 30. Abrëll gestëmmt ginn ass. Deem komme mer haut mat dësem Vote no. Well jo dës Mise en vigueur méi spéit ass wéi déi aner kënnen also och hallef Poste berechent ginn an der Reconstitutioun vun der Carrière.

E véierte Punkt: Wéi gëtt sech verhale mat der Obligatioun oder mat der Exigenz vum Stage, well am Prinzip, een dee frësch bei de Stat erakënnt, huet eng Stagezäit vun zwee Joer ze respektéieren? Do hu mer de Règlement grand-ducal vum 28. Juli 2000 analyséiert. Do ass virgesinn, datt de Minister kann op de Stage renoncéieren. Mir krute vum Ministère erkläert, datt si bei deene Chargéen, déi an d'Réserve nationale kommen, op dee Stage wäerte renoncéieren.

Deen drëtte Punkt vun der FNCTTFEL, respektiv dee fënnefte Punkt, dee mir op dës Aart a Weis reglëieren, dat war déi Fro vum double échelon, dee bestëmmte Chargéen haten. Hei war d'Fro: Wéi geet et elo mat de Chargéen, déi an d'Réserve kommen, déi do déi Garantie net kréien? Och do ass eis vum Ministère de l'Education nationale en Avant-projet de modification du règlement grand-ducal vum 28. Juli zoukomme gelooss ginn, deen expressément festhält, datt d'Chargés de cours hire Benefiss vum Echelon behalen, souwäit en hinnen an hiren ale Gemengen zegutt komm ass.

Op der Base vun all deene Renseignementer hunn ech mäi Rapport geschriwwen, an dee Gesetzestext ass fixéiert gi fir an eng öffentlech Sëtzung. Mä, Gott sei Dank, huet awer en Deputéierten, deen net an eiser Kommissioun ass, deen awer méi prezis d'Gesetzestexter liest, festgestallt, datt am Projet de loi 4891 de Paragraph 6, op dee mer eis beruffen, fir all déi Avantagen ze accordéieren, ëmgeännert gouf. Dorophin ass d'Regierung esou wäit gaangen, datt se en Amendement gouvernemental gemaach huet, deen de Conseil d'Etat och positiv aviséiert huet, an dofir fannt Der zu dësem klenge Projet de loi e Projet de rapport complémentaire, esou datt mer also mëttlerweil gewëss kënne sinn, datt déi fënnef Punkten, déi ech viraus opgezielt hunn, deene Chargés de cours, déi an d'Réserve nationale erakommen, och zoukommen.

Ech däerf informatiounshalber vläicht soen, wéi villl Leit ongeféier interesséiert sinn. Zu deem Zäitpunkt, wou ech den éischte Rapport geschriwwen hunn, hate 65 Leit hir Demande gemaach fir an d'Réserve nationale, an dem Secteur vum Primaire. Dovunner ware 35 Leit vun dësem Projet concernéiert. Am Préscolaire ware 16 Leit, déi gefrot hate fir an déi Formatioun eran ze kommen. Zwee waren der do concernéiert vun dësem Projet.

No deene leschten Informatioune schéngt et esou ze sinn, datt 70 Leit den Test bestanen hunn, also d'Konditiounen erfëlle fir an d'Réserve nationale eran ze kommen. Dat ass e positiivt Resultat a mer kënnen deene Leit nëmme bonne chance fir d'Zukunft wënschen.

Ech wollt nach soen, datt dëst Gesetz réckwierkend op den 1. Juli ass, esou datt all déi Leit, déi an d'Réserve nationale kommen, och ofgeséchert sinn.

Ech gesinn Diskussiounen an de Reien. Do menge Leit, ech hätt mat Absiicht de Numm vun deem Deputéierten net genannt, deem de Benefiss zoukënnt, datt dee Mëssel, dee mir gemaach haten, konnt behuewe ginn. Dat war den Här Urbany.

Merci all deene Leit, déi hei geschafft hunn. Ech wëll nach kuerz eppes soen. Ech géif wierklech drëms bieden op der Base vun där Erfahrung, déi mer elo erëm gemaach hu mat dësem Projet de rapport complémentaire, datt eng Evaluatioun vun dësem Gesetzesprojet gemaach gëtt um Enn vun dësem Joer, fir wann nach aner Kannerkränkten - wéi een dat emol kënnt esou ëmschreiwen - sollten dra sinn, dass déi kënnten ausgebigelt ginn.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner huet den Här Claude Wiseler d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et ass e relativ technesche Projet, dee mer haut analyséieren, an ech wëll och net méi op all déi Detailer agoen, déi d'Rapportrice elo wierklech am Detail hei erkläert huet. Ech soen hir merci fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport.

Et war keen Text, deen esou einfach war. Et war éischter eng Schwéiergebuert, déi mer an der Kommissioun do haten, mä ech muss awer soen, datt wahrscheinlech d'Explikatioun déi ass, datt et an där heiter Matière net evident ass, fir all Detail esou hinzekréien, datt duerno fir déi verschidde Situatiounen, déi sech stellen, dat Ganzt och passt. Ech hoffen, datt dësen Text elo alle Situatioune gerecht gëtt a mer domat, wann am September déi nei Leit an hirer neier Funktioun ufänken, iwwert de Bierg sinn.

E puer Wuert zur Situatioun. Wéi mer virun ongeféier engem Joer dat Gesetz vum 25. Juli 2002 ofgestëmmt hunn, war u sech den Drock vu bausse grouss. Et stonge souguer Leit dobausse virun der Trap. Déi eng wore fir den Artikel 16, déi aner hu géint den Artikel 16, esou wéi en elo am Text steet, revendiquéiert. Deenen engen ass et net wäit genuch gaangen, deen aneren ass et ze wäit gaangen, an et war net evident fir eng Solutioun ze fannen, déi an der Mëtt war, déi korrekt a gerecht war.

Duerno ass et och esou un de Gemengeréit gewiescht an all deene Gemengen, déi mer hei hunn, déi mat deem Problem befaasst waren, fir a villen a laangen Diskussiounen och an hirer Gemeng d'Applicatioun vun deem Gesetz ze maachen, well do huet eng gewësse Fräiheet bestanen. Déi eng hunn den Artikel 16 utiliséiert fir Contrats à durée indéterminée hire Leit ze ginn, déi aner hunn et net gemaach. Doranner besteet jo och d'Autonomie communale.

D'Situatioun war och, éier dat d'Gesetz bestanen huet, net evident. Mir hate laang Joren Diskussioune virdrun. Mir waren och mat enger Rei Geriichtsprozeduren, mat enger Rei Uerteeler befaasst a Solutiounen hu misse fonnt ginn, déi awer net nëmme juristescher Natur waren, mä och Solutiounen, déi de pedagogeschen Aspekt beinhalt hunn, an déi zwou Saachen zesummenzesetzen, fir dann nach eppes Gereimtes ze maachen, ass nun net ëmmer evident.

Zwee grouss Weeër sinn opgemaach ginn. Dat eent war de Wee op déi Formatioun en cours d'emploi ze maachen, déi duerno an d'Réserve sollt féieren an den zweete Wee war d'Méiglechkeet fir d'Gemengen, well si haten nom Gesetz nach ëmmer de Choix, fir de Leit, déi Employés privés waren, e Contrat à durée indéterminée ze ginn an déi Méiglechkeet hunn d'Gemenge während engem Joer gehat an einstweile si mer och nach an där Period, wou d'Gemengen déi Méiglechkeet hunn, an zwar bis zum 25. Juli 2003 ass déi Possibilitéit nach op.

Du sinn eng ganz Rei Décisioune geholl ginn. Déi eng Gemengen hunn esou décidéiert, déi aner anescht. Ech weess, datt mir an der Stad Lëtzebuerg, well ech do den Dossier besser kennen, ronn een Drëttel vun deenen 150 Leit, déi mer als Chargéen haten, e Contrat à durée indéterminée ginn hunn an och nach nodeem mer dat gemaach haten am Juli vum leschte Joer, während dem Joer deen een oder deen aneren Härtefall nach nogekuckt hunn, fir deem och nach e Contrat à durée indéterminée ze ginn.

Un der Formatioun waren och, fir duerno an d'Réserve ze kommen, eng ganz Rei Leit interesséiert, déi awer, denken ech, net all konnten erakommen, well d'Zuel eben dëst Joer aus verständleche Grënn och op 100 limitéiert war, an d'Madame Durdu huet elo u sech déi Zuele genannt vun de Leit, déi einstweilen nach amgaange sinn et ze packen.

Zwou Froe wollt ech stellen. Déi gehéieren zwar net direkt zum Projet. Dat éischt ass, wéini elo d'Resultater eraus sinn, respektiv wéi d'Resultater sinn, wéi vill Leit elo definitiv kënnen an d'Réserve kommen, wa se dat da géinge wielen, nodeem se d'Formatioun ofgeschloss hunn a wéi et elo d'nächst Joer weidergeet, wéi vill Poste mer nach d'nächst Joer maachen, fir erëm supplementar Leit an déi Réserve eran ze huelen, dat heescht déi, déi kënnen déi Formatioun maachen.

Iwwert déi Formatioun huet ee vill Guddes an et huet een och eng Rei manner gutt Saachen héieren. Dofir mengen ech éischtens, datt déi Formatioun wichteg an noutwendeg war, well se awer de Leit d'Méiglechkeet ginn huet, fir eng Rei pedagogesch Aspekter an deene Coursen ze léieren. Op där anerer Säit ass et och ganz kloer, well et eng Formation en cours d'emploi war, datt et net ëmmer esou evident war fir Leit, déi awer eng ganz Tâche haten.

Dofir denken ech, datt et wesentlech ass, datt een no engem Joer, elo wou déi Formatioun leeft, och de Bilan mécht vun där Formatioun, kuckt wat gutt war, kuckt wat manner gutt war a vläicht Konsequenzen draus zitt fir déi nächst Promotioun vu Leit, déi dodra ginn, och aus de Feeler geléiert hunn an deene kann eng Formatioun ubidden, déi nach amélioréiert ass par rapport zu deem wat war.

Den Text, deen haut ofgestëmmt gëtt, regelt also d'Transitioun esou wäit wéi dat méiglech war a probéiert all déi Problemer, déi nach am alen Text waren, an d'Madame Durdu huet se opgezielt, dann och auszebigelen an dësem Text, mä wéi gesot, och an enger Rei anere Gesetzestexter, notamment am Statut, wou schonn eng Rei Saache geregelt sinn an och iwwert de Wee vu Règlements grand-ducalen, wou den double échelon zum Beispill soll geregelt ginn a vun der Exigence vum Stage, wou d'Ministesch eis gesot huet, datt se géing drop renoncéieren, esou datt ech denken, datt elo all déi Problemer vun der Transitioun vun engem System op deen aneren domat

missten, souwäit wéi et méiglech ass, an d'Rei bruecht gi sinn.

Zum Ofschloss vun deem wat ech wollt soen, wëll ech awer nach op eppes opmierksam maachen, wat och d'Madame Durdu zweemol am hirem Rapport, an deem éischte Rapport an am Rapport complémentaire, geschriwwen huet a wat och vun der Kommissioun ganz kloer an däitlech ënnerstëtzt ginn ass, dat ass, datt mer sollen um Enn vun dësem Joer, wann elo déi Transitioun geschitt ass, a wa mer wësse wéi se geschitt ass, a wa mer gesinn, ob nach Problemer oder ob keng Problemer do sinn, einfach d'Evaluatioun maachen, de Bilan maachen a wa mer gesinn, datt nach deen een oder deen anere Problem do war an där technesch komplizéierter Matière, datt mer dann och d'Méiglechkeet ginn, wéi gesot, déi Evaluatioun ze maachen an och d'Konsequenze vun där Evaluatioun ze zéien, falls dat noutwendeg wier. Dat wësse mer jo elo momentan nach net.

Et ass an deem Sënn, wou et selbstverständlech ass, datt meng Fraktioun och dësen Text wäert stëmmen. Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Marc Zanussi.

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut iwwer e Projet de loi, deen eigentlech, wéi et virdrun och vun der Madame Durdu gesot ginn ass, eng Nobesserung ass vun deem Gesetz, dat mer am Juli 2002 iwwert d'Chargéë gestëmmt hunn. Ech wëll op dëser Plaz direkt der Madame Durdu merci soe fir hire Rapport, deen dës Kéier fir si ëmsou méi ustrengend war, well et déi eng oder déi aner Modifikatioun nach en cours de route huet ginn an dofir merci fir hire mëndlechen a schréftleche Rapport.

Ech wëll awer dës Geleeënheet trotzdeem benotzen, fir nach eng Kéier op d'Positioun vun der LSAP an deem doten Zesummenhank bei der Diskussioun vum Gesetz vun 2002 hinzeweisen. Mir hunn als Fraktioun deemools scho gesot gehat, dass dee Projet de loi iwwert de Knéi gebrach ginn ass, an dass deemools mat deem Gesetz eng Chance verpasst ginn ass fir de Problem vun der sozialer Ofsécherung vun de Chargéen definitiv ze léisen.

Mir hunn als Fraktioun probéiert gehat an der Kommissioun iwwert de Wee vun engem Amendement an herno och hei an der Plénière iwwert de Wee vun engem Amendement ze hëllefen dee Problem ze léisen. Deem ass net Rechnung gedroe ginn. Deen Amendement, dee mir deemools proposéiert hunn, hätt dozou gefouert, dass d'Chargéen eng aarbechtsrechtlech Ofsécherung kritt hätten. Deen hätt och dozou bäigedroen, dass kengem qualifizéierten Enseignant eng Plaz ewechgeholl gi wier an en hätt virun allem dozou gefouert, dass deen Text net nei Leit motivéiert hätt an d'Richtung vum Chargé ze goen, well keng Chance bestanen hätt fir eng fest Plaz ze kréien.

Deen Amendement, dee mer formuléiert haten, krute mer och nach eng Kéier confirméiert op enger Table ronde, wou d'Madame Durdu an den Här Wiseler vum Landesverband mat dobäi waren, an en hätt och de Konsens vun de Gewerkschafte fonnt, déi un deem Projet do matgeschafft hunn. Dat ass net geschitt an ech wollt hei op dëser Plaz nach eng Kéier déi Fro stellen, déi eigentlech vun der Madame Durdu gestallt ginn ass a gewënscht ginn ass, dass dat Gesetz vun 2002 nach eng Kéier sollt bilanzéiert ginn an deen Termin, dee genannt ginn ass vun ausganks dëses Joers, wollt ech och vun der Madame Ministerin héieren, ob dat eng Propos wier oder en Datum wier, dee vun der Regierung géing akzeptéiert ginn, fir dann Ausganks dëses Joers nach eng Kéier iwwert dat Gesetz do ze diskutéieren an déi Onzoulänglechkeeten, déi dra sinn, probéieren iwwert deen dote Wee dann eraus ze huelen.

Mir hunn op där Table ronde héieren, dass et nach aner Problemer gëtt. Si si virdru vum Här Wiseler schonn ugeschnidde ginn, d'Bilanz ze maache vun deene Weiderbildungscoursen, d'Fro och ze stelle vun der Zuel vun de Leit, déi déi Weiderbildungscoursen do kënne maachen an Ähnleches méi. Do gëtt et nach eng Rei vun Diskussiounen, déi eiser Aschätzung no noutwendeg sinn.

Op den Text, dee mer haut hei diskutéieren, ass d'Madame Durdu schonn agaangen. Effektiv gëtt et 37 Persounen, déi an der Fro vun der Anciennetéit méi wéi 12 Joer hunn a mat deem Gesetz, wat mer elo hei schafen, solle mer jo deem dote Problem bäikommen. Dat Gesetz huet dozou gefouert, oder hätt dozou gefouert gehat, dass eng Rei Leit Akommesverloschter gehat hätten an d'Léisung vun deem Problem vum Temps partiel, d'Tatsaach, dass dat an deem viregte Gesetz net virgesi war, huet dann dozou gefouert, dass mer mat dësem Gesetz hu misse waarde bis den neie Statut vum Fonctionnaire gestëmmt ginn ass an domadder och déi Fro vum Temps partiel ka geléist ginn.

Déi Fro vum Stage ass ebenfalls vun der Madame Durdu ugeschwat ginn an do ass et effektiv esou a mir géinge jo dann als Kommissioun kollektiv d'Regierung invitéieren dofir ze suergen, dass dee Stage do suppriméiert gëtt, an dann déi lescht Fro, an dat ass déi vum duebelen Echelon. Et muss een heibäi bemierken, dass wierklech awer dem Landesverband e grousse Verdéngscht un deene Korrekturen hei zoukënnt, well déi handwierklech Feeler, déi an deem Text dra waren an déi awer zu relativ villen, onglécklecheSituatioune gefouert hätten, sinn eigentlech behuewe ginn duerch d'Opmierksamkeet vun de Vertrieder vum Landesverband a schlussendlech dann nach eng Kéier duerch d'Opmierksamkeet vum Här Urbany, deen dann och den Text eng zweete Kéier nach huet kënne korrigéieren.

Wat déi Fro vum duebelen Echelon ubelaangt, do gëtt jo an Aussiicht gestallt, dass iwwert de Règlement grand-ducal eng Léisung sollt erbäigefouert ginn, fir déi Leit net ze schiedegen, déi duerch déi Formatioun, déi se maachen, an d'Réserve erakommen.

Elo hu mer als Kommissioun eng Kéier e Règlement grand-ducal oder en Avant-projet de règlement grand-ducal virgeluecht kritt, dee mer allerdéngs a senger leschter Versioun net méi als Kommissioun gesinn hunn, wat eigentlech jo och net anormal ass, mä, an do wollt ech awer d'Ministerin haut de Mëtteg interpelléieren driwwer, dass mer zougedroe ginn ass, dass dee Règlement grand-ducal, deen elo virläit, awer och dozou féiert, dass déi Chargéen, déi dee Moment wou se an d'Réserve nationale integréiert ginn, awer en Akommesverloscht hu vu bis zu 6.500 Euro an der Period vun deenen nächsten dräi Joer am Verglach zu hirer Carrière, déi se gehat hätten, wa se bei de Gemenge bliwwe wieren.

Dat ass eng Kritik, déi mer zougedroe ginn ass an déi d'Madame Brasseur wahrscheinlech och kennt, déi aus dem Bréif staamt, deen de Landesverband den 2. Juni un de Ministère geschéckt huet an drop opmierksam gemaach huet, an dofir dann hei och elo meng Froen:

Éischtens d'Positioun vun der Madame Ministerin zu deene Bemierkunge vum Landesverband an deem Bréif vum 2. Juni.

Zweetens ass et méiglech a sënnvoll, dass mer an der Kommissioun nach eng Kéier iwwert dee Règlement grand-ducal ze schwätze kréien ier en op den Instanzewee kënnt an eng Ausso vun der Ministerin vläicht ze héieren, déi awer dohi sollt goen, dass déi Leit, déi eng zousätzlech Formatioun gemaach hunn an an d'Réserve nationale kommen, dass awer kee Règlement grand-ducal ka geholl ginn, egal wéi en ausgesäit, deen als Konsequenz hätt, dass d'Chargéen da manner Revenu hätte wéi se virdrun haten? Wéi dee Règlement grand-ducal am Detail soll ausgesinn, dat misst ee kucken. Mä ech wier awer frou, wann ech opgrond vun deem Bréif an deene Suergen, déi do ausgedréckt ginn, hei nach eng Kéier eng Ausso vun der Madame Ministerin an deem doten Zesummenhank kënnt kréien.

Eng weider Fro, déi sech stellt, wou ech frou wier wann ech eng Äntwert kënnt kréien, ass déi vum Statut vun deene Leit, déi an d'Réserve nationale kommen am Zesummenhank mat der Pensioun. Weess d'Ministerin, dass déi Leit, déi iwwer 55 Joer sinn an déi an d'Réserve nationale kommen, net méi kënnen an de Statut vum Fonctionnaire kommen, well d'Gesetz vum Employé de l'Etat net geännert ginn ass an dat Gesetz misst op e puer Punkte geännert ginn? Dofir also och meng Fro: Weess d'Madame Ministerin vun där doter Problematik a wat ass hir Stellung dozou? Dat wier och an dësem Zesummenhank interessant ze wëssen.

Als Konklusioun mengen ech awer soen ze kënnen, dass déi Aarbecht, déi hei am Zesummenhank mat deem Gesetz gemaach ginn ass, eis als Fraktioun Recht gëtt, doduerch dass ee wierklech den Androck huet, dass dat Gesetz iwwert de Knéi gebrach ginn ass, dass et inhaltlech net ausgeräift war an och handwierklech eng ganz Rei vu Feeler enthalen huet, a mir géingen dann der Regierung wënschen, dass se an Zukunft bei esou Projete méi eng glécklech Hand huet.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächste Riedner huet elo den Här Claude Meisch d'Wuert.

M. Claude Meisch *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech schwätzen net allze laang, nodeems mer e Projet de loi zur Regulariséierung vun der Situatioun vu ville Chargés de cours hei am Land gestëmmt hunn, erëm eng Kéier iwwert deen dote Sujet. Dat weist, datt et e komplexe Sujet ass. Et weist virun allem, datt et e Sujet ass, deen eng Rei vun Domäner vun der Lëtzebuerger Politik betrëfft, notamment d'Educatioun, an awer och all déi Gesetzer a Reglementer, déi ronderëm d'Fonction publique gëllen an do kënnt jo och dee Problem hier, deen elo hei mat dësem Gesetz soll regulariséiert ginn.

Ech wëll aganks der Rapportrice, der Madame Agny Dudru, merci soe fir dee Rapport, dee se hei gemaach huet. Et war sécherlech keng einfach Aufgab. Si hat jo awer och schonn op där anerer Säit den éischte Rapport iwwert d'Gesetz vun de Chargéë gemaach, esou datt mer et hei mat engem Rapporteur ze dinn huet, deen awer lues a lues zum groussen Expär an där doter Matière gëtt.

Et si laang Diskussiounen hei am Land ginn, a meng Virriedner hunn et och scho gesot, iwwert d'Problematik vun de Chargéen. Et ass laang diskutéiert ginn iwwer eng juristesch Onsécherheet, déi an deem doten Domän geherrscht huet an dës Regierung huet de Mérite, datt se mat deem éischte Projet, wéi awer och elo mat deem zweete Projet fir kloer Verhältnisser gesuergt huet fir vill Chargés de cours hei am Land an dat absolut zu Gonschte vun de Chargés de cours, a jo och dëse Projet nach eng Kéier kloer dohinner geet, datt déi Rechter, déi d'Chargés de cours bis ewell haten, ganz kloer confirméiert gi sinn. Et ass also net, datt déi Leit do hir Rechter beschnidde kritt hätten.

Et wier effektiv interessant ze héieren awéiwäit dat Gesetz vun de Chargés de cours bis elo scho Répercussiounen um Terrain fonnt huet, wéi d'Formation continue genotzt ginn ass, wéi vill Leit elo kënnen an d'Réserve nationale kommen an ech si frou, och do schonn an der Kommissioun gehéiert ze hunn, datt mer bis Enn dës Joers konkret Chifferen, eng konkret Evaluatioun um Dësch wäerten hunn, esou datt mer den éischte Bilan vum Gesetz kënne maachen.

Dat gesot, géing ech nach den Accord vu menger Fraktioun bréngen an dann awer och hoffen, datt mer mat dësem Gesetz eben elo déi Situatioun do definitiv geklärt hunn, an datt net nach weider Fäll opkommen, wou mer eis nach eng Kéier missten de Chargés de cours unhuelen, op jidde Fall an deem Sënn wéi mer et haut gemaach hunn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner huet den Här Jacques-Yves Henckes d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir haten als ADR dat Gesetz hei kritiséiert, well munch Onzoulänglechkeeten am Gesetz wieren a keng Problemer géinge geléist ginn, a mir gesinn all Dag méi, datt mer Recht haten. Et kënnt elo eng Verbesserung vum Text. Et muss een absolut unerkennen, datt elo der Anciennetéit soll Rechnung gedroe ginn, mä ech mengen et ginn nach Problemer, déi net geléist sinn. Ech ginn als Beispill de Problem vum Congé de maternité.

Dass eng Persoun, déi d'Konditioune erfëllt fir an de Pool ze kommen, gesot kritt vum Ministère, datt well se Congé de maternité héchstwahrscheinlech misst an deem Pool do beantragen, et deen Ablack net méiglech wier fir se unzestellen, well dat net virgesi wier an et ass hir dunn ugerode gi fir sech nees erëm bei hirem Employeur als Employée privée unzemelle bis nom Congé de maternité. Ech mengen, dat ass keng gutt Situatioun an ech wollt d'Madame Ministerin froen, ob se gewëllt ass fir dee Problem do unzegoen.

En zweete Problem, deen net geklärt schéngt ze sinn, ass dee vun der Pensioun. Wat fir e Regime ass applicabel? Deen neie Regime? Deen Ablack géing et fir déi eenzel Leit net vill Changementer bréngen, oder de Régime transitoire? Och do wier ech frou, wann d'Madame Ministerin ons kënnt soe wat fir e Regime vu Pensioun dann elo finalement gëllt fir déi, déi kënnen an de Statut vum Fonctionnaire kommen.

***(Interruption)***

Wann en als Employé de l'Etat herno ka mat 55 Joer eng Optioun huelen, dofir froen ech, wéi déi Donnéeën dann do sinn. Ech froe just nëmme wat dat fir praktesch Konsequenzen huet.

En anere Problem, deen net geléist ass, ass dee vum Droit d'élection active et passive bei de Sozialwahlen. All déi Employés privés au service de l'Etat et de la commune hunn déi konstitutionell an déi legal Rechter, déi hinnen zoustinn, fir gläich behandelt ze ginn. Déi missten alleguerten d'Recht hu fir aktiivt a passiivt Wahlrecht bei de Sozialwahlen ze hunn. Dat ass net de Fall.

An enger Question parlementaire hunn déi eenzel Ministere mer dat bestätegt. Als Äntwert, si kënnen net un Delegatiounswahle participéieren. Anscheinend ass viru Joren de Problem eng Kéier ausgeklamert gi vum Gesetzgeber, mat enger spezifescher Mentioun. Si kéimen nach eng Kéier dorobber zréck, mä de Problem ass säithier net geléist ginn, an elo hänken dowéinst och Prozesser op de Geriichter un. Dofir wier ech frou, Madame Minsterin, wann Der ons kënnt soe wat d'Regierung gedenkt fir deenen Employés privés bei Gemengen a Stat d'Recht ze ginn, fir aktiv a passiv u Sozialwahlen am Hierscht kënnen ze participéieren. Et sinn anscheinend 4.000 bis 5.000 Leit, déi concernéiert sinn an ech muss éierlech soen, datt et zimlech skandaléis ass, datt, obwuel een elo esou laang drop opmierksam gemaach huet, bis elo kee Minister sech dofir als zoustänneg erklärt huet an een deem aneren d'Schold gëtt.

Déi aner Donnéeën, déi interessant wiere gewuer ze ginn, hu meng Virriedner hei scho gesot. Dofir wëll ech se just kuerz rappeléieren. Wat huet d'Gesetz elo bruecht? Wéi vill Leit sinn augenblécklech an deem Pool virgesinn? Wéi vill sinn der erakomm, oder kommen der eran? Wéi ass d'Zuel vun den Enseignanten, déi zur Dispositioun stinn, den Enseignants brevetés par rapport zu den offene Plazen als Schoulmeeschter an de Gemengen? Wéi resolvéiert sech dee ganze Problem?

Dat Eenzegt wat mir feststellen ass, datt elo déi meescht Gemenge brevetéiert Personal hunn, Leit, déi am Pool sinn, a Leit, déi am Contrat d'employé privé sinn, à durée déterminée oder à durée indéterminée. A bei deenen, déi à durée déterminée sinn, do gesäit een, datt och Recoursen augenblécklech virun de Geriichter festleien, well verschidde Gemengen Drock op d'Leit gemaach hu fir hire Contrat à durée indéterminée, dee se duerch d'Geriicht unerkannt haten, nees erëm als Contrat à durée déterminée ze ënnerschreiwen, mat der Massgab, datt wa se dat net géinge maachen, se géingen entlooss ginn.

Ech mengen, dat ware Methoden, déi net gutt sinn. Do huet den Här Innenminister ganz vill dozou bäigedroen, datt sech d'Aarbechtsklima tëschent den eenzelne Composantë vun dem Enseignement verschlechtert huet, an d'Gesetz wat gestëmmt ginn ass, vun der Majoritéit, ass e schlecht Gesetz, bleift e schlecht Gesetz, well et de Problem net léist. Hei ass eng Verbesserung punktueller Natur, mir kënnen eis dofir aus deene prinzipiellen Iwwerleeungen net mam Gesetz d'accord erklären, well et awer eng Verbesserung ass, wäerte mer ons grad wéi beim éischte Gesetz enthalen.

M. le Président.- Als nächste Riedner huet elo d'Wuert den Här Garcia.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Här President, wéi scho gesot ginn ass, handelt et sech hei ëm eng Nobesserung vun deem Gesetz vu virun engem Joer, an ech wäert der Tentatioun net erleien, wéi verschiddener vu menge Virriedner, fir schonn a vorauseilendem Gehorsam eng Diskussioun ze anticipéieren, déi mer sollen Enn dës Joers féieren. Ech wäert da vun der Geleeënheet profitéieren, eventuell fir Enn dës Joers op de Bilan vun deem ëmstriddene Gesetz zréckzekommen.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner huet elo den Här Serge Urbany d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President, de Problem vun de Chargé-decoursen ass jo bekanntlecherweis op e gravë Mangel u Léierinnen a Schoulmeeschteren zréckzeféieren, dee sech während Joren a Jorzéngten accumuléiert huet.

En ass vun deene verschiddene Regierunge geléist ginn, an e gëtt iwwregens och haut nach geléist,

well och haut ginn nach Chargé-de-coursen agestallt, op déi einfachst Manéier, duerch d'Astellung vun deenen ënnerschiddlechste Leit, mat engem Privatkontrakt op Zäit.

Déi Leit hunn net de Brevet als Léierpersounen, si hunn awer op där anerer Säit déi villfälteg Kompetenzen an Erfahrungen, déi néideg si fir dee Beruff kënnen auszeüben. Déi Leit waren och wëllkomm a si si gebraucht ginn, well soss hätt de Schoulsystem net funktionéiert a wier zesummegebrach op ville Plazen.

D'Chargé-de-coursen, ech huelen elo d'Ziffere vun där Debatt vum leschte Joer, dat waren 18% vun den Enseignanten am Préscolaire, 27% am Primaire, a souguer 50% am Enseignement spécial, also grad do wou déi gréisste Problemer sinn, hunn déi Chargé-de-coursë sech ganz dacks erëmfonnt, grad do wou et néideg gewiescht wär fir dat qualifizéiertst Personal ze hu bei deene Kanner mat deene meeschte Schwieregkeeten.

Well nom Aarbechtsrecht awer e Contrat à durée déterminée net méi wéi zwee Joer kann daueren a sech dann automatesch an e Contrat à durée indéterminée ëmwandelt, sinn eng ganz Partie vu Chargé-de-coursen duerch d'Geriichter regulariséiert ginn an all deene Jore vu virdrun, bis dann e Gesetz komm ass, ech mengen et war 1991, wat gesot huet d'Gemenge sinn deen Employeur am Land, ee vun deene wéinegen niewent dem Stat, dee Leit kann astelle mat onendlech laangen Aarbechtsverträg, op Dauer vun engem Joer, onendlech laang hannereneen.

Et gëtt haut zwar nach Chargé-de-coursen, deenen hir Kontrakter, och nach eng Zäit nodeem dat Gesetz ugeholl gi war, nach net en règle waren, an déi also eigentlech missten e Contrat à durée indéterminée kréien. Dat ass hei och diskutéiert ginn am Juni 2002 bei deem sou genannte Regulariséierungsgesetz, an do ass gesot ginn, mer stellen eng Partie vun deene Leit an, ënner relativ restriktive Bedingungen, déi kréien dann d'Méiglechkeet als Employés publics an eng Réserve de suppléants ze kommen, a fir all déi aner huet d'Regierung gesot, d'Gemenge kënnen opgrond vun hirer Autonomie maache wat se wëllen. Si huet d'Gemengen also eleng gelooss mam Problem, ob se sollten déi Leit astellen oder net, a si huet iwwregens och déi Leit eleng gelooss fir eventuell, wann d'Gemengen dat net wollten, zu hire Käschten e Prozess unzefänken.

A senger leschter Ried hei an der Chamber huet den Aloyse Bisdorff den 19. Juni 2002 en Amendement zum Gesetz erabruecht, dee virgesinn hat, dass all Chargé-de-coursë mat méi wéi dräi Joer Anciennetéit an enger eemoleger Mesure sollten agestallt ginn als Employé communal, an domat wieren op d'mannst déi Reschtproblemer vum Dësch gewiescht, déi sech nach aus der Iwwergangsphas vum Gesetz vun 1991 erginn hunn.

Deen Amendement ass leider hei ofgeleent ginn, mat 56 Nee-Stëmmen an der Enthaltung vum Här Scheuer. En Amendement vum Här Zanussi, dee Chargéë wéinstens eng Garantie ginn hätt bei eng aner Gemeng schaffen ze goen, wann hire Kontrakt net verlängert ginn ass, ass och ofgeleent ginn.

Amplaz dovunner ass eng «Kann»-Bestëmmung an d'Gesetz komm: D'Gemengen, déi wëllen, kënnen hir Chargéen astellen als Employé privé no engem Joer, si mussen dat awer net. An esou wéi een héiert, géifen et haut nach eng Partie vu Chargé-de-coursë ginn a verschiddene Gemengen am Land, dorënner och verschidde gréisser Gemengen am Land, ënner anerem och - souwäit ech héieren hunn - d'Gemeng Esch, deenen hir Situatioun nach ëmmer net regulariséiert wier. Ech mengen…

***(Interruption)***

Wat glift?

***(Interruption)***

Jo, et gëtt der nach, anscheinend.

***(Interruptions)***

M. le Président.- Fuert virun, Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ma Dir sidd vläicht da besser placéiert an der Gemeng Suessem, wann ech héieren, dass et do och esou de Fall ass, fir dat do duerchzeféieren. Gutt.

Mä ech mengen den Hannergrond vu ville Retizenzen, déi et gëtt vis-à-vis vun där Kategorie vu Salariéen, ka verschiddenaarteger Natur sinn. Ech mengen, dass ganz dacks och derhannert déi berechtegt Suerg ass ëm eng gréisstméiglech Qualifikatioun vum Personnel enseignant, a souguer heiansdo d'Angscht virun enger gewësser Form vu Privatiséierung am Schoulsecteur. Mä ech mengen awer, dass déi Bedenken net däerfen een dovun ofhalen d'Aarbechtsrecht ze applizéieren.

Et ass natierlech am Intérêt vum Service public, en eenheetleche Corps vun Enseignanten ze kréien, mat enger méiglechst harmoniséierter Bildung a Weiderbildung, an dofir ass och a mengen Aen déi kruzial Fro d'Organisatioun vun enger seriöser Weiderbildung an Zukunft - déi Oplag misst awer och gëlle fir d'Enseignanten, déi brevetéiert Enseignanten - a vun engem zweete Bildungswee, fir de Brevet als Schoulmeeschter oder als Léierin nozemaachen. Dozou géifen dann awer och zum Beispill seriö Déchargë während der Aarbechtszäit gehéieren, fir dee Brevet kënnen nozemaachen.

Dovu si mer awer menges Wëssens - ausser dass d'Madame Minister eis eppes Bessere beléiert - nach zimlech wäit ewech. Un esou en zweete Bildungswee schéngt de Moment nach net geduecht ze ginn, an dat versteet een och wann een zum Beispill gesäit, dass emol bei de Schoulmeeschteren net dru geduecht gëtt eng seriö initial Ausbildung vu véier Joer vun engem universitairen Niveau anzeféieren an deem neien Universitéitsgesetz, wou awer grad d'PISA-Studie gewisen huet, wéi wichteg dass eng héich Qualifikatioun vum Schoulpersonal ass, wat d'Resultater herno an der Schoul ugeet.

Dat Gesetz awer, wat mer elo de Mëtten hei votéiere wäerten, stellt also déi Chargé-de-coursen, déi deemools am Juni 2002, virun engem Joer also, an d'Réserve de suppléants opgeholl gi sinn, a verschiddene Punkte gläich mat deenen aneren Employés publics, an an deem Sënn ass dat Gesetz natierlech e Fortschrëtt a gëtt och an deem Sënn vu mir hei gestëmmt.

Ech wëll mech mengersäits och nach eng Kéier bei der Madame Durdu bedanke fir déi problemlos Zesummenaarbecht, déi mer do haten, an där Fro do, wou mer e bësse Statsrot hu misse spillen, deem seng Missioun et jo eigentlech gewiescht wär, fir dat doten ze kontrolléieren, a well awer et fir mech och ganz kloer war, dass kee politesche Wëllen do derhannert war, déi Leit elo do auszeschléisse vun deene Virdeeler, déi hinne jo sollte mat deem Gesetz hei verschaaft ginn, a wou jo en Deel erëm ewechgeholl gi wier, wann déi Bestëmmungen esou an d'Gesetz stoe komm wieren, war dat fir mech selbstverständlech och kee politesche Fall, mä et war e Fall, deen huet misse geléist ginn, virun der öffentlecher Sitzung, am Interesse vun deene betraffene Leit.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Erzéiungsministesch d'Madame Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech bei der Chamber entschëllegen, well ech e Projet déposéiert hunn, zejoert, deen och votéiert ginn ass, dee Lacunen opgewisen huet, déi wuel technescher Natur waren. Duerno hunn ech e Gesetz nogebessert, an och do, an deem Gesetz, wor den Text esou, wann Dir als Chamber deen Text esou gestëmmt hätt, dass da Leit, déi hätte kënne vu Moossname bénéficiéieren, net hätte kënnen dovu bénéficiéieren, well den Text, esou wéi ech en der Regierung proposéiert hunn a wéi en och déposéiert ginn ass, einfach verschiddenen Evolutiounen an den Texter net Rechnung gedroen huet. Dofir wëll ech mech entschëllegen, et ass e Feeler fir deen ech d'Responsabilitéit selbstverständlech iwwerhuelen.

Ech wëll dem Här Urbany villmools merci soe fir déi Interventioun, déi hie gemaach huet bei der Madame Durdu, an ech wëll mech och bei der Madame Durdu als Rapporteur an als President vun der Kommissioun vun der Educatioun nationale bedanken, dass si och esou séier reagéiert huet, well soss hätte mer hei e Gesetz gestëmmt, wou mer Leit pénaliséiert hätten, well deen Text, deen ech hei déposéiert hat, deem net Rechnung gedroen huet.

Dat deet mech soen, dass mer Texter hunn, déi an hirer Komplexitéit ëmmer méi zouhuelen an et ganz schwiereg ass, dat iwwerhaapt ze iwwerkucken. Et ass gesot ginn, dat wier drop zréckzeféieren, dass mer d'lescht Joer d'Gesetz hei iwwert de Knéi gebrach hätten.

Ech muss Iech soen, wa mer dat Gesetz, fir d'Situatioun vun de Chargés de cours emol endlech an Ugréff ze huelen, d'lescht Joer net gestëmmt hätten, da wier d'Ongewëssheet vun enger Partie vu Leit nach virugaangen, well dann hätte mer keng Formatioun kënne maachen, dann hätte mer e ganzt Joer verluer, well et kann een an der Educatioun ëmmer nëmme par année scolaire fueren, well et anescht net dran ass, an dofir war et mer dru geleeën d'lescht Joer e Gesetz hei ze stëmmen, wat mer jo och dunn zesumme gemaach hunn, fir dass déi Formatioun fir déi Chargés de cours konnt am November ulafen.

D'Délaië ware wierklech serréiert, mä mir gong et drëm emol endlech no Jorzéngten Ongewëssheet ze probéieren e bëssen Uerdnung hei dran ze bréngen, wat net einfach war. Ech hunn et an der Kommissioun gesot, hunn et hei op dëser Tribün widderholl, dass ech net sécher wier, ob dëst Gesetz all Problemer géing léisen, an ech wier souguer iwwerzeegt, dass verschidde Leit hei net kënnte Satisfaktioun kréien, well et si vill verschidde Cas de figure opgetaucht. Beispillsweis hu Gemenge Leit recrutéiert, déi de Premièresexamen net haten. D'Majoritéit war awer mat mer d'accord fir ze soen, et muss een de Premièresexamen hunn, dat ass e Minimum fir an de Genoss heivun ze kommen.

Déi Leit, déi hu sech selwer jo net agestallt, mä et si Gemengen, déi déi recrutéiert hunn, an ech muss Iech soen, dass et mer um mënschleche Plang wierklech déck deet deenen net kënne Satisfaktioun ze ginn, mä Regelen après coup ze fixéieren, wéi dat hei geschitt, ass ni flott, mä dat ass eng Situatioun, déi ech virfonnt hunn, well déi am Laf vun de Jorzéngten esou erugewuess ass.

Ech fannen et am Fong och bedauerlech, dass ee sech muss mat esou formalen Aspekter am Fong ofginn, an een dann déi Zäit net huet fir sech ëm d'Schoul selwer, ëm de Contenu selwer ze këmmeren, wat a sech méi wichteg ass, mä et brauch een awer Leit, déi engem hëllefen d'Contenuen ëmzesetzen. Duerch dëst Gesetz hu mer probéiert deem Rechnung ze droen.

Ech wëll elo net op de Contenu vun dësem Projet agoen. D'Madame Durdu huet dat als Rapporteur ganz gutt gemaach.

Et sinn e puer Froe gestallt ginn. Et ass gefrot gi wéi vill Leit hunn elo Gebrauch gemaach vun dësem Gesetz. Mir hate 449 Demandë kritt. Also 449 Chargés de cours wollte vun dëser Mesure benefisiéieren. Mir haten awer, och aus praktesche Grënn, d'Zuel wéint de Formatiounen op 100 limitéiert a mir hu gesot, duerno gëtt d'Zuel pro Joer duerch d'Loi budgétaire fixéiert.

Et sinn der 80 am Primaire ugeholl ginn an 20 am Préscolaire. Et si 57 Leit am Primaire, déi d'Formatioun zu Enn bruecht hunn a 16 am Préscolaire. Dat heescht, datt net all déi Plazen, déi hätte kënnen an Usproch geholl ginn, och an Usproch geholl gi sinn.

D'lescht Woch hat ech d'Méiglechkeet deene Leit hir Attestatioun ze iwwerreechen, an hu mat enger ganzer Partie Leit geschwat. Déi wëssen, dass dat do hire Problem net léist, mä dass se awer frou sinn eng Sécuritéit ze hunn, well dat sinn zum Deel Leit, déi awer - haaptsächlech Dammen, et ware just zwee Häre derbäi - ganz oft eleng sinn - dat ass hire Revenu - an e gewëssenen Alter hunn - et waren der ganz vill vu menger Generatioun derbäi -, a wann déi muer hiren Emploi als Chargé géinge verléieren, dann hätten déi ganz grouss Schwieregkeeten an engem anere Secteur ënnerdaach ze kommen, esou dass sech do wierklech um mënschleche Plang och Problemer ofgezeechent hunn, wou een als Patron, an dat ass d'öffentlech Hand, ob et d'Gemenge sinn oder de Stat, awer muss fir d'Leit suergen, well nach eng Kéier, déi Leit si geholl gi well net genuch Brevetéierter do waren.

Den Här Urbany huet gesot: Bei deene Kanner, déi déi gréisste Schwieregkeeten hunn, sollte Brevetéierter enseignéieren. Dat géing ech mir och wënschen a jiddfereen heibannen. Mir wëssen awer, dass d'Praxis heiansdo anescht ausgesäit, an dass just duerch d'Autonomie an de Gemengen, duerch Permutatiounsgesetzer Klassen iwwregbleiwen, wou net brevetéiert Enseignanten, dat da musse maachen. Dofir hei nach eng Kéier en Appel un d'Léierpersonal, dass se wierklech bei der Verdeelung vun de Klassen, emol deenen, déi e Brevet hunn, sollen d'Prioritéit ginn, wou et am schwieregsten ass.

Et sinn och Froe gestallt ginn iwwert de Règlement grand-ducal, deen elo e Projet de règlement grand-ducal ass. Et ass ganz kloer, dass mer net kënnen zouloossen, dass d'Leit eng Perte de salaire hunn. Dat huet awer näischt ze di mat extralegalen Avantagen, déi déi eng oder déi aner Gemeng kann hire Leit accordéieren. Dat ass net Partie intégrante vum Salaire, an deem ka keng Rechnung gedroe ginn. Ech sinn awer ganz gäre bereet, dass d'nächst Woch, Madame Presidentin, nach eng Kéier ee vu menge Beamten an d'Kommissioun kënnt, fir Iech dat nach eng Kéier ze explizéieren - wann der Zäit hutt -, fir dass Der dat ënnerbreet kritt.

Et ass gesot ginn an zu Recht, et soll eng Evaluatioun gemaach ginn. All Gesetz muss ëmmer erëm op de Métier geholl gi vun Zäit zu Zäit, well wa mer e Gesetz hei stëmmen, da weess een net wéi et an der Applicatioun ass. Ech géing Iech Folgendes proposéieren. Elo hunn déi Leit, déi déi éischt Formatioun gemaach hunn, hir Attestatioun kritt. Si kënnen sech an d'Réserve des suppléants mellen. Den Délai de candidature hate mer op de 4. Juli fixéiert, esou dass mer gesinn, wéi vill Leit sech mellen, well eng Partie Leit sinn an de Gemengen, hunn e Contrat à durée indéterminée do a wëllen och do bleiwen, esou dass ech ganz gären an d'Kommissioun komme fir no der Rentrée Opschloss ze ginn, wou mer dru sinn. Ech si bal sécher, dass ech souwisou eng Kéier mat deem Gesetz muss erëm heihinner kommen, well d'Problemer sinn nach net all geléist.

Ech géing all deene merci soen, déi hei eng Hand mat ugepaakt hunn. Hei geet et net drëm fir parteipolitescht Geplänkels ze maachen, hei geet et drëm fir eng Situatioun, déi a Joren erugewuess an opgelaf ass ze regulariséieren, awer net d'Situatioun tout court, well dat ass esou en allgemenge Begréff, mä hei sinn eenzel Schicksaler hannendrun an et muss een och d'Approche vun der Mënschlechkeet walte loossen, well et sinn net déi Leit, déi gefrot hunn, Chargé ze ginn. Mir hu se als öffentlech Hand all zesumme gebraucht a mir waren och frou fir déi geleeschten Déngschter.

Selbstverständlech wäerte mer dann och kucken, ob déi Formatioun, esou wéi se bis elo gelaf ass, déi ass, déi gebraucht gëtt. Och do si menger Meenung no wierklech nach Verbesserungen ze maachen. Déi Verbesserunge soll een dann och virhuelen. D'nächst Joer wäert d'Zuel duerch de Budget festgeluecht ginn an ech wäert proposéieren, dass dat erëm 100 Leit ginn, well mir wäerten déi Leit brauchen an da kënnen déi och eng Zousazformatioun maachen.

Ech mengen, domat hätt ech op all d'Froe geäntwert. Nach eng Kéier e grousse Merci un all Intervenanten. Ech si frou, dass wéinstens fir déi do Leit hir Situatioun regulariséiert gëtt. Leschten Enns, an dat ass dat Allerwichtegst, dat ass am Intérêt vun onsem Schoulsystem, dat heescht am Intérêt vun de Kanner, déi ons Schoule besichen, si mer de Kanner schëlleg, dass se en uerdentlechen Enseignement kréien, en Enseignement vu Qualitéit. Dat kann een nëmme maachen, wann ee Leit huet, déi motivéiert sinn an déi eng uerdentlech Préparatioun hunn.

Dëse Leit ass dat elo erméiglecht ginn. Fir deenen hiren Engagement soen ech villmools merci, well et ass net evident als erwuessene Mënsch op eemol erëm d'Schoulbänk ze drécken, eng Epreuve ze maachen. Déi hei, déi hunn dat gemaach. Deenen ee grousse Merci, an ech ginn Iech Rendez-vous an der Kommissioun no der Rentrée, fir dat do nach eng Kéier ze kucken.

Merci villmools.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Mme Ministerin, ech hat e puer Froe gestallt, op déi Dir vergiess hutt ze äntwerten an dofir wéilt ech déi nach eng Kéier widderhuelen.

Wéi ass et mat dem Congé de maternité fir déi Dammen, déi et betrëfft, an déi am Pool sinn? Wéi ass et mam aktiven a passive Wahlrecht fir Delegatiounen? Dat ass notamment wichteg, wa Schoulorganisatiounen an esou weider diskutéiert ginn, an och fir Personalproblemer ze léisen. Wéi ass de Régime de pension vun deem Personal, wat elo ugestallt ass?

Merci.

M. le Président.- Madame Ministerin.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Här Henckes, dat sinn dräi allgemeng Froen, déi net nëmmen ënnert de Kader vun der Educatioun falen. Dat dépasséiert wierklech de loin meng Kompetenzen. Ech géing, Här President, wann Dir domat d'accord sidd, froen, dass dem Här Henckes déi Äntwerte schréftlech iwwerreecht ginn, well ech wëll mech net op en Terrain

avancéiere vun deem ech näischt verstinn.

Ech soen Iech merci.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech constatéieren, datt mer elo dräi Ministeren hunn, déi net kompetent sinn, den Aarbechtsminister net, de Minister vun der Réforme administrative net, den Déngen net. Ech wëll just nëmme froen, wann d'Regierung eng Kéier ee géing erausfannen, wien da kompetent ass.

M. le Président.- An ech constatéieren, dass d'Discussion générale elo ofgeschloss ass.

Den Här Minister Biltgen freet d'Wuert nach.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Här President, also ech hunn zwar en décke Bockel, mä ech kann net all Topeschkeet am Raum stoe loossen.

Et gëtt emol éischtens en Ënnerscheed tëschent kompetent an zoustänneg. Ech sinn effektiv net fir alles zoustänneg, an den Här Henckes ass net fir alles kompetent.

***(Hilarité)***

Déi Fro, déi den Här Henckes hei gestallt huet iwwert d'Delegatiounen, dat ass eng reell Fro. Wann den Här Henckes natierlech seng Texter liest, da stellt hie fest, dass dat net eppes mat Kompetenz ze dinn huet, mä dass et eppes ze dinn huet mat Texter.

Mir wësse ganz genee, wa mer d'Delegatiounsgesetz kucke wat elo ass, dass et do e Vide juridique gëtt, e Vide juridique fir Leit, déi am privatrechtleche Statut sinn, an déi bei de Gemenge schaffen. Dee Vide juridique kann d'Madame Brasseur net combléieren, einfach als Ministesch, dee kann ech net combléieren, dofir musse mer d'Texter änneren. Déi Texter déposéiere mer deemnächst als Avant-projet de loi, wou ech gesot hunn, dass ech dee fir d'éischt géing de Sozialpartner awer och der Chamber ginn, fir sämtlech Texter ëmzeänneren iwwert d'Delegatiounen, iwwert d'Comités mixtes an esou weider. An deem Text wäerte mir eng propper Äntwert dorobber ginn, fir dass mer an Zukunft keng Vides juridiques méi hunn.

Mä deen heite Projet war bestëmmt net deen, wou een elo ka punktuell eppes änneren. Dat muss generell tranchéiert ginn an et muss gesot ginn, an dat musse mer politesch décidéieren, déi eng Leit falen entweder ënnert d'Representatioun vum Statut, an déi aner falen ënnert d'Representatioun vum Privatrecht, an dat wäerte mer maachen, well do ass effektiv eng Lacune.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, ech constatéieren, dass ech kompetent genuch war, well de Minister seet elo, datt meng Fro berechtegt ass, an datt de Problem richteg ass.

Ech sinn elo frou, datt den Här Aarbechtsminister sech als zoustänneg erwisen huet. Ech constatéiere just nëmmen, datt hie bis elo inkompetent war fir en uerdentlecht Gesetz ze presentéieren an all deene Méint wou mer driwwer debattéieren.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, domadder ass d'Discussion générale ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen.

Den Här Jaerling freet nach d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech kann dat verstoe wat den Här Minister hei gesot huet, mä mir haten awer schonn hei Interventiounen, wou kloer higewise ginn ass op dee Problem do. Et gëtt scho säit Joren heirop higewisen, a mir waarde scho säit Joren drop, dass eng Reform vum Delegatiounsgesetz kënnt, wou déi Problemer do geléist géife ginn. Mir hate gehofft, dass dat nach virun dësen Delegatiounswahle géif kommen. Et ass net geschitt, Här Glesener. Och an der Kommissioun hu mer op déi Problemer opmierksam gemaach.

Also et ass richteg, de Problem ass do, mä de Problem ass scho länger bekannt, an den Här Henckes huet en an dësem Zesummenhank nach eng Kéier opgeworf, well jo awer an deem Pool do iwwer 400 Leit dra sinn, déi keng Vertriedung hunn. Dat heescht, et ass en neit Instrument geschafe ginn, dat all Kéiers erëm dee Problem opwerft, an dofir huet den Här Henckes awer mat Recht drop higewisen, dass dee Problem do scho säit Jore bekannt ass, an dass näischt geschitt ass, an dass et héich Zäit gëtt. Mir hate gehofft, dass dat nach kënnt virun den nächste Wahlen kommen. Dat wär ideal gewiescht.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert dat virleiend Gesetz.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 50 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Norbert Haupert), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 4818 an 5025, zwee Accorden am Filmberäich mat Frankräich a mat Däitschland. Déi Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. An dësem Kader presentéiert den Här Minister François Biltgen och de Bilan vun eiser Filmindustrie.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn agedroe bis elo den Här Mosar, déi Dammen Delvaux, Beissel, déi Häre Greisen a Garcia.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deene béide Projeten, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

## 3. 4818 - Projet de loi portant approbation de l'Accord cinématographique entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République Française et des Annexes 1 à 5, signés à Cannes, le 18 mai 2001

## 5025 - Projet de loi portant approbation de l'accord de coproduction audiovisuelle entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République fédérale d'Allemagne, signé à Berlin, le 14 juin 2002

## Présentation d'un bilan sur l'industrie cinématographique luxembourgeoise par M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications

***Rapport de la Commission des Media et des Communications***

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat de Projets de loi 4818 an 5025 geet et drëms zwee Accords cinématographiques legislativ ze verankeren. A sech eng Routine, an dach sinn esou Accorden e Filetssteck vun deem neie wirtschaftleche Créneau, déi säit Ufank vun den 90er Joren niewent RTL an der SES en drëtt Standbeen am Medieberäich sollt ginn. De lëtzebuergeschen cinématographesche Secteur ass aktiv, en ass kreativ an e weist eng héich Qualitéit.

De Fong an dësem Beräich, deen 1990 geschaaft gouf, gouf 1999 restrukturéiert an déi fiskalesch Regimer fir Zertifikater goufen tëschent 1988 an 1998 fit gemaach fir Invester am audiovisuelle Beräich ze förderen. Haut soll jo och Bilanz gezu ginn, an dat mécht fir eis Partei de Kolleeg Laurent Mosar.

Ech wëll mech als Rapporteur op dës zwee Projets de loi an dës Accorde beschränken. Mat esou Accorde geet et am Besonneschen drëm am Detail d'Modalitéite vu Koproduktiounen tëschent Länner ze regelen. An dësem Fall sinn et da Frankräich an Däitschland. Et soll awer gewosst sinn, datt et esou bilateral Accorde scho säit 1994 gëtt, an zwar mat der Provënz Québec. An och säit 1996 hu mer en Accord mat Kanada. Wann een dann zousätzlech weess, datt den Accord mat Frankräich aus dem Joer 2001 ass an do ënnerschriwwe gouf, gesäit ee ganz kloer e gewëssene privilegéierte Partenariat mat franséischspriechende Länner.

Déi bilateral Diskussioune sinn och nach amgaange mat Länner wéi Groussbritannien oder der Schwäiz, a weider Accorde sinn an der Maach mat Irland an Éisträich.

D'Tatsaach, datt Lëtzebuerg déi europäesch Konventioun iwwer cinématographesch Koproduktioune schonn am Joer 1996 ënnerschriwwen oder ratifizéiert huet, an zwar als eent vun deenen éischte Länner, dréckt kloer de Wëlle vum Lëtzebuerger Stat aus, fir konsequent am Beräich vun de Koproduktioune virzegoen.

D'Modalitéite vun esou bilateralen Accorde sinn zum Beispill d'Dauer vum Accord oder och de prozentuale Participatiounsschlëssel. Dës variéiere vu Fall zu Fall. Fir Frankräich zum Beispill gëtt den Accord fir zwee Joer gemaach mat enger Reconduction tacite, an d'Participatioun läit tëschent 10 an 90%.

Fir Däitschland ass d'Dauer op onbestëmmten Zäit an d'Participatioun läit tëschent 20 an 80%. Den Accord mat Kanada war op fënnef Joer gemaach ginn, mat enger Reconduction tacite, an do louch och d'Participatioun tëschent 20 an 80%, an den Accord mam Québec war op dräi Joer gemaach ginn, och mat enger Reconduction tacite, an d'Participatioun louch och tëschent 20 an 80%.

Am Kontext vun esou bilateralen Accorde gëtt jo och e Comité mixte agefouert. En iwwerwaacht d'Dispositiounen aus dem bilateralen Accord. Ech verweisen hei fir weider Detailer op de Projet de loi a besonnesch och op de Projet de loi 4818 mat Frankräich, wou an den Annexë villes nozeliesen ass.

D'Tatsaach, datt dës Koproduktiounen eng duebel Nationalitéit kréien, dat heescht, datt de Film an deem anere Land als Nationalprodukt ugesi gëtt, erlaabt eng besser an eng méi liicht Aglidderung an de Réseau vun der Distributioun an deem anere Land.

Et soll een awer och wëssen, datt d'Finanzéierung éischtens iwwer Zertifikater geschitt, déi bis zu 30% steierlech ofsetzbar sinn, an dës Hëllef soll a sech am Fong geholl dat erëmginn, wat zu Lëtzebuerg hei engagéiert gëtt oder ausgi gëtt fir eng Koproduktioun, an zweetens iwwer Aides sélectives an deen nationale Fong geschitt fir d'Ënnerstëtzung vun audiovisuelle Produktiounen, engem Fong, dee jo jährlech iwwert de Budget gespeist gëtt. Dat ass en anert Element, an dëst ass am Fong geholl dee kulturellen Afloss oder déi kulturell Hëllef.

Ech hat virdru gesot, et wär e Filetssteck, an dat sinn déi Konventiounen, well si halen de Secteur a Bewegung, an et ginn och Grënn firwat ee soll esou bilateral Accordë maachen. Deen éischten ass deen, eisen nationale Maart u sech ass ze kleng, fir datt mer eleng kënnten hei cinématographesch Produktioune finanzéieren, an dofir goufen och bis dato systematesch Koproduktioune gemaach.

En anere Grond ass deen, dass d'Lëtzebuerger Producteuren am Fong geholl sech besser um europäesche Maart positionéiert kréien, an dass doduerch hiren Aktiounsradius ausgeweit gëtt. Ech géif souguer soen, mir kréien doduerch en Transfert vu Kompetenzen an Experienze bei eise Koproduktiounen, wann auslännesch Techniker hei op Lëtzebuerg kommen.

En drëtten Avantage ass deen, dass dës Produktiounen e Plus fir eis Ekonomie bedeiten, well doduerch Leit heihinner kommen, a besonnesch am Horeca-Beräich gëtt dat Mehreinnahmen.

Véiertens, d'Avantagë vun nationale Mesurë kënnen, ech hat et scho virdru gesot, an deenen zwee Länner wouergeholl ginn, an dat iwwer privat an öffentlech Finanzéierung, wat also och e Plus gëtt an der Finanzéierung vum Projet.

Fënnefstens, déi administrativ Barrièrë sinn oft heefeg, also sinn heefeg a komplex, an dat gëllt besonnesch am Kontext Frankräich, well déiselwecht zum Beispill Lëtzebuerg ëmmer considéréiert hunn als eng Aart trojanescht Päerd, géif ech soen, zu amerikaneschen Koproduktiounen.

E sechst Argument ass, dass déi europäesch Konventioun iwwer cinématographesch Produktiounen am Fong geholl just e generelle Kader gëtt an d'Erwaardungen, déi d'EU-Autoritéiten an esou multilateral Konventioune gesat hunn, sinn net erfëllt ginn, an dofir mécht et och Sënn esou bilateral Konventiounen ze maachen, an dëst ass och de Wonsch vun de Producteuren hei zu Lëtzebuerg.

Wéi ass et elo mat de franséischen a mat den däitsche Kinosproduktiounen? De Portrait vum däitschen a franséische Kino am Réckbléck wëll ech hei net méi maachen, dee kann een noliesen am schréftleche Rapport. Erlaabt mer awer kuerz nach ze kucke wéi eng Koproduktioune mer gemaach hunn tëschent Lëtzebuerg an Däitschland an tëschent Lëtzebuerg a Frankräich.

Wat Lëtzebuerg a Frankräich ugeet, goufe bis dato 31 Filmer a Koproduktioun gemaach, an zwar scho 16 Stéck säit dem Joer 2000, am Ganze mat 8 verschiddene Sociétéiten, dovunner huet Samsa Films eleng 20 Filmer gemaach, an Delux productions 3 Filmer.

En éischte Film gouf gemaach am Joer 1992, dat war de Film «Abracadabra», an deen zweeten och an deemselwechte Joer, deen heescht «Je pense à vous», dat ass dee vun de Gebridder Dardenne. An am Joer 2003 kann ee feststellen, dass de Moment dräi Filmer an der Maach sinn. Dee bekannteste Film, deen hei zu Lëtzebuerg da mat als Koproduktioun gemaach ginn ass, ass ouni Zweifel dee vun «Une liaison pornographique» mam Nathalie Baye aus dem Joer '99. Dëse Film war wierklech e grousse Succès, mä trotzdeem ass et nëmmen duer gaange fir 50% vun den Investkäschten eranzebréngen.

Wat elo d'Koproduktiounen tëschent Lëtzebuerg an Däitschland ugeet, goufe bis dato 14 Koproduktioune gemaach. Hei huet besonnesch d'Carousel Picture Company sechs Filmer opzeweisen, an Delux productions véier. Hei war den éischte Film am Joer 1996, dat ass de Film «The American Werewolf». Zwee Filmer ginn och elo 2003 gebucht, deen een heescht «Globi, der gestohlene Schatten».

***(Hilarité)***

Et ass en Animatiounsfilm vu Monipoli Productions. An deen zweeten, deen huet och e léiwen Numm, deen heescht «Pipermint, das Leben möglicherweise». Dat ass e Film vun Tarantula Lëtzebuerg.

Also gesidd Der, och do ass amgaang sech munches ze dinn, an ech géif soen, wat grad Däitschland ugeet, hu mer ganz gutt Relatioune mat Nordrhein-Westfalen. Et ass ee privilegéierte Partner vu Lëtzebuerg, an dat besonnesch och mam Besuch vun eisem Statsminister am Joer 1999, wou de Jean-Claude Juncker beim Landesvorsitzenden Clement, d'Ënnerschréft war den 28. Oktober '99, de Kontrakt ënnerschriwwen huet.

Nach e puer Wierder iwwert de spezifesche legislative Wee vun dësen zwee Projeten. De Projet 4818 gouf am Joer 2001 ënnerschriwwen. Den Dépôt war den 28. Juni 2001, den Avis vum Statsrot de 16. Abrëll 2002. De Rapporteur gouf désignéiert den 11. September 2002 an de Rapport ugeholl den 12. Juni 2003. Hei hu mer am Fong geholl 23 Méint gebraucht an elo kann ee soen, d'Reconduction tacite vun dësem Projet steet schonn aus, déi wäert deemnächst fälleg sinn. Nieft de generellen Avantagë vun engem bilateralen Accord, déi ech jo virdrun opgezeechent hunn, mécht et och Sënn mat Frankräich dësen ze maachen, an do gëtt et e puer Elementer.

1. Frankräich ass eisen éischten Noper, an iwwert d'Groussregioun ergi sech hei weider Méiglechkeeten zesummenzeschaffen.

2. Frankräich ass a sech e Symbol vum europäesche Film an et mécht also Sënn mat hinne wierklech eppes ze maachen.

3. Frankräich ass nach net der Konventioun iwwer cinématogra-

phesch Koproduktioune bäigetrueden, wat mir hei zu Lëtzebuerg scho '96 gemaach haten. Esou erkennt Frankräich och keng Länner un, déi keng bilateral Accordë mat hinnen hunn, an dofir bréngt dëse bilateralen Accord ganz kloer méi Dynamik, nei Dynamik an dëse Beräich tëschent Lëtzebuerg a Frankräich.

Zum Projet de loi 5025. Dëse gouf jo am Joer 2002 ënnerschriwwen. Den Dépôt war den 12. September 2002. De Statsrotsavis koum den 10. Dezember 2002. De Rapporteur gouf genannt de 16. Januar 2003 an de Rapport ugeholl den 12. Juni 2003. Hei huet d'legislativ Prozedur also néng Méint gedauert. Och dësen Accord wäert eis also munches bréngen, well bis dato hate mer nach net ganz vill Koproduktioune mat Däitschland. A grad mat Däitschland, wou déi eenzel Länner eng grouss Autonomie hunn, bréngt esou en Accord sécherlech vill, an dat am Besonneschen, wéi ech et scho gesot hunn, mat Nordrhein-Westfalen, wou mer jo scho gutt Relatiounen hunn.

Här President, net nëmme well de Statsrot keng Observatiounen zu deenen zwee Projets de loi ze maachen hat, mä och well d'Kommissioun erkennt wéi wichteg dës Accordë si fir eisen audiovisuelle Site auszebauen, recommandéiert d'Kommissioun der Chamber dës Projeten ze stëmmen.

Ech bréngen heimat och den Accord vun der CSV an ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Laurent Mosar agedroen.

***(Interruptions)***

Entschëllegt, Här Minister. Dir hutt Recht. D'Wuert huet den Här Minister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et ass ganz symptomatesch, dass mer iwwert de Kino schwätzen, wou mer «la dernière séance» si fir dës Woch. An ech si ganz frou, dass d'Chamber mengem Wonsch nokomm ass fir dës Diskussioun mat deenen zwee Projeten hei, déi Konventioune ratifizéieren, mateneen ze verbanne fir e klenge Bilan ze zéien iwwert déi bal 15 Joer elo Filmproduktiounshëllef zu Lëtzebuerg.

Dir hutt den Exposé ausgedeelt kritt. Ech hoffen och, dass d'Press e kritt huet.

***(Interruption)***

D'Press huet en net kritt. Da géif ech de Greffe bieden och der Press eng Kopie dovunner ze ginn, well dat mech nämlech dispenséiert fir elo wierklech hei e Bilan mat allen Zifferen an esou weider ze bréngen, mä just eng Partie politesch Saachen dozou ze soen.

Ech hunn an der Bäilag Kulturissimo vun dëser Woch en Interview gesi mam Marie-Claude Beaud, wou dat seet: «Le choix qui a été fait d'investir dans la culture a été le bon. La récompense reçue ne peut que ratifier ce choix.» - Et geet ëm Venedeg - «Je dirais aussi qu'un petit pays peut plus facilement réaliser une telle politique qu'un grand. Voyez ce qui s'est passé en économie. Quand il y a eu la crise dans la sidérurgie, le Luxembourg a réalisé ce que ses voisins n'ont pas réussi. Il a fait basculer l'économie vers d'autres secteurs, les banques, les médias, et c'est précisément grâce à une telle occasion qu'il est possible de faire une politique culturelle innovante.»

Dir Dammen an Dir Häre, dat doten zielt elo net fir de Kino eleng, dat zielt fir d'Kultur insgesamt an och fir de Kino. Dat ass wierklech e gudde Statement iwwert dat wat Lëtzebuerger Regierungen zënter '88 versicht hunn ze maachen: Nämlech zu Lëtzebuerg eng kulturell Dimensioun ze ginn, déi gläichzäiteg och eng Roll gespillt huet vu wirtschaftlecher Diversifizéierung.

Wuerfir hu mer elo haut och kinoméisseg eng kleng kulturpolitesch Bedeitung erreecht? Engersäits éischtens, an dat wëll ech och hei soen, dank de Pionéier, déi mer zu Lëtzebuerg haten. Et gouf schonn an den 80er Joren eng ganz Partie vu Pionéier: Producteuren, Techniker, Acteuren, déi eppes gemaach hunn. Ganz vill hu sech missen expatriéieren an d'Ausland fir iwwerhaapt kënnen am Kinosberäich täteg ze sinn. Mä déi hu Mériten an dofir war et jo och esou, dass d'lescht Joer d'Madame Hennicot an ech selwer am Numm vum Groussherzog eng Partie vun deene Pionéier ausgezeechent hu fir Nationalfeierdag. Och dat wäert dëst Joer erëm eng Kéier geschéien.

Zweetens mengen ech, dass mer awer och der Regierungspolitik vun deene leschte Joren a vun deene sukzessive Regierungen et ze verdanken hunn, dass eppes geschitt ass. Eigentlech ass 1988 d'Startschossjoer, wou mer ugefaangen hunn zwou Zorte vun Hëllefen op de Wee ze ginn. Dat eent, direkt Bäihëllefe fir Filmer, dat sinn dann haaptsächlech Filmer, déi éischter e kulturpoliteschen oder méi u Lëtzebuerg gebonnenen Akzent hunn. Zweetens awer och, an dat huet e grousse Succès ausgemaach, d'Certificats d'investissement audiovisuel, wou mer '98 d'Gesetz reforméiert hunn. Dat sinn also Steierrecetten op déi de Stat verzicht, fir dass zu Lëtzebuerg eppes geschéie kann.

Natierlech ginn et och nach haut Kritiken an och dat huet mech bewogen, fir eng Diskussioun hei ze féieren, fir déi Kritiken ze kucken. D'Kritiicke soen: Dir geheit d'Suen zu der Fënster eraus. Dir schaaft e Secteur subventionné, an et geschitt net all zevill fir d'Lëtzebuerger, et si méi Auslänner, déi dovu profitéieren. Dofir wéilt ech fir d'éischt nach eng Kéier zréckgoen op d'Objektiver vun esou enger Filmënnerstëtzungspolitik.

Éischten Objectif ass, fir Lëtzebuerg en aneren Image de marque ze ginn, wéi just dee vun enger Spuerbécks.

Dat Zweet ass d'Diversification économique, fir hei en neie Secteur ze schafen. 1988 war d'Iddi ganz konkret, an déi Iddi ass nach haut richteg, fir niewent der CLT, wéi se deemools geheescht huet, haut RTL, an der SES en drëtte Pfeiler ze schafen, wou Contenuë géife produzéiert ginn, wat fir déi Eenzel och kéint interessant sinn. Dat war d'ursprünglech Iddi. Dat ass eng Iddi vun Diversification économique, an och déi bleift haut nach gülteg.

Drëttens war natierlech d'Iddi, fir eppes fir déi Lëtzebuerger Kulturschaffend ze maachen, fir och deenen eng Méiglechkeet ze ginn zu Lëtzebuerg sech ze entfalen, net onbedéngt an d'Ausland mussen ze goen, an natierlech och méi eng grouss Masse critique ze kréien, fir net nëmme Pionéier ze hunn, mä enger Partie Lëtzebuerger eng Perspektiv ze bidden, an doduerch méi jonk Lëtzebuerger, déi Talent hunn, ze hëllefen, fir an d'Filmproduktioun eriwwer ze wiesselen, amplaz an aner Beruffer ze goen an dann als Amateur ze schaffen.

Op d'Fro, hu mer haut eng gewëss Visibilitéit, géif ech mat Jo äntwerten. Ech hat d'Geleeënheet zu Cannes ze sinn um Filmfestival, wou mer e bescheidene Stand haten, awer trotzdeem Pignon sur rue, wou mir vill Leit gesinn hunn. Eleng dat ass wichteg, dass d'Leit gesinn, dass zu Lëtzebuerg eppes geschitt, och wann net jiddferee weess, dass „Les liaisons pornographiques" e Film ass, deen haaptsächlech e Lëtzebuerger Koproduzent hat. Et war e belsche Réalisateur, an dofir mengen d'Belsch, et wär e belsche Film. Et war eng franséisch Haaptdarstellerin, an dofir soen d'Fransousen, et wär ee franséische Film. Iwwregens huet och d'Schwäiz mat an d'Produktioun investéiert. Mir hunn also eng gewësse Visibilitéit.

Wéi wäit si mer mam Secteur économique? Wa mer kucken, wat mer hunn, hu mer eng ronn 40 Produktiounsgesellschaften, emol méi grousser, emol méi klenger, déi eng ronn 100 permanent Ugestallter hunn, 50 Sociétés de services spécialisés, 3 Sociétés de distribution a 4 Animatiounsgesellschaften, déi insgesamt eng 80 Leit beschäftegen.

Wa mer da kucken, wat mer elo wierklech vun einheimeschen, ech schwätzen net nëmme vu Lëtzebuerger, Filmschaffende mëttlerweil hunn, dann ass dat och beachtlech. Et sinn eng 37 Réalisateuren, dovunner 29 Lëtzebuerger, eng 40 Acteuren, déi een ëmmer erëm rëmfënnt. Mir hunn eng 450 Techniker, dovunner der 380, déi zu Lëtzebuerg wunnen an 250, déi Lëtzebuerger sinn, déi zu Lëtzebuerg schaffen.

Eleng déi Zuel ass en Zeechen, dass et gutt war, fir an deen dote Secteur ze investéieren, well mer och hei enger Partie Einheimeschen d'Méiglechkeet ginn an deem Secteur ze schaffen. Déi schaffen natierlech net nëmmen zu Lëtzebuerg. Déi schaffen och an der Groussregioun. Doduerch dass zu Lëtzebuerg Filmer produzéiert ginn, hunn déi Techniker eng Méiglechkeet eranzekommen, léiere Leit kennen, an déi embauchéieren se fir aner Produktiounen. Dat ass schonn e gewëssene Succès, an op dee Succès solle mer stolz sinn.

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, wéi stellen ech mer d'Zukunft vir? D'Zukunft ass selbstverständlech déi, dass mer dee Secteur musse behalen. Et muss een einfach wëssen, dass alles wat Konscht a Kultur ass, dass dat ëmmer liicht fragiliséiert ass, an dass ganz liicht eppes ka fortkommen. Ech wëll och dofir ganz däitlech soen, dass ech net der Meenung sinn, mir missten elo nach esou vill méi Steierzuelersuen direkt oder indirekt an déi Produktioune pompelen, fir hei eppes Artificielles opzebauen.

Ech weess och, dass et méi spektakulär fir d'Press an och fir d'Leit dobaussen ass, wann iergendwou eng Strooss gespaart ass an iergendee Stand do ass, oder virun allem wann e ganz bekannten Hollywood-Schauspiller optrëtt. Dat gehéiert dozou, mä dat ass awer fir mech net den Zweck vun der Übung. Dat bréngt u sech keen direkte Mehrwäert. Et bréngt natierlech Steiersuen, wéi den Här Halsdorf et gesot huet, deem ech nach eng Kéier merci soe fir säin excellente Rapport.

Déi Leit schlofen hei, iessen hei, an esou weider. Dat ass gutt. Mä fir de Secteur selwer, dat wat d'Regierungsphilosophie ass, bréngen esou Saache rose wéineg. Dat wat eis eppes bréngt, dat ass, wa mer einheimesch Leit hunn, Producteuren, Réalisateuren, Acteuren, Techniker, déi hiert Liewen hei kënne maachen. Dat ass dat, wat eis eppes bréngt. Dofir war och déi ursprünglech Iddi 1988 eigentlech net déi, fir Fräiliichtproduktiounen ze maachen, mä fir Studioe virun allem Postproduktioun ze maachen. Iwwregens, dat wat an Animatiounsfilmer geschitt, dat ass och ganz vill.

Dat ass, d'Iddi fir d'Zukunft, dat wat mer hunn, solle mer halen. Mir sollen elo net en artificiellë Secteur hei opriichten, well mir musse kucken, dass dee Secteur dat verkraaft. Mir solle kucken, dass mer mat där Vitesse de croisière, déi mer elo hunn, a mat där gewëssener Masse critique, déi mir elo hunn, deene Leit eng Garantie gi fir kënne weider an deem Secteur ze schaffen, an dass mer eis nach weider en Numm maachen.

Natierlech kann ee vill iwwer Filmer schwätzen. Vill Filmer ginn awer e Flop. Vill vun Iech ware mat Begeeschterung zu Venedeg zu Esch. Just, dee Film hutt Der nach net gesinn, well dee Film nach kee Keefer fonnt huet. Mä et waren awer och positiv Saachen derbäi. Normalerweis ass et an der Welt esou, dass mussen zéng Filmer op d'mannst gedréint ginn, an an Amerika ass dat net aneschters, fir dass een iwwerhaapt an d'Kinoe kënnt. Dat ass de Risiko, dee bei där ganzer Saach ass. Vill Filmer, déi gedréint ginn, fannen herno kee richtege Publikum. Dat musse mer wëssen an domadder musse mer liewen. Dat ass le risque du métier. Dofir ass d'Filmindustrie och net ze vergläiche mat iergendenger anerer normaler Industrie. Et ass schonn eppes aneschters, well eben dat Kulturellt derbäikënnt, dat Künstlerecht, a mir kënnen - an ech kommen nach eng Kéier op déi Fro zréck - dee Secteur net einfach liberaliséieren an Europa wéi iergendeen anere Secteur.

Wéi gesot, mir mussen dat hale wat mir hunn, an dat mat eise Mëttele verschaffen. Dat bréngt och mat sech, dass mer musse Prioritéite setzen. Dir wësst, dass de Filmfong e Conseil d'administration huet an ënnen drënner e Comité de lecture. Mir hunn ëmmer dofir gesuergt, dass am Comité de lecture onofhängeg Leit sëtzen, déi och net Beamten dierfe sinn, dass iwwerhaapt keng Instruktiounen do kommen. Déi Leit am Comité de lecture kënnen och Feeler maachen, mä mir halen drop en onofhängege Gremium ze hunn, deen d'Pabeiere kuckt, d'Szenarioë kuckt, d'Dialoger kuckt, an deen dann eng onofhängeg Meenung ofgëtt, wou hie mengt, dat dote kéint e gudde Film ginn oder net. Dat solle mer och an Zukunft bäibehalen, mä mir musse Prioritéite setzen, an do kënnt d'Politik eran, d'Madame Hennicot, well hei sinn zwee Ministeren zoustänneg, de Premier Minister, deen ech vertrieden, an d'Kulturministesch.

Déi zwee Ministere musse Prioritéitslëschte fixéieren, an et ass evident, dass wa méi Projete komme wéi mer Suen hunn, dass d'Prioritéit muss si fir eppes, wat éischter Retombéeën huet fir Lëtzebuerg, virun allem fir d'Lëtzebuerger Kulturschaffend. Dat schéngt mer evident ze sinn. Esou funktionéiert dat.

Beim Punkt fir d'Zukunft ass ze kucken, wéi mir déi Lëtzebuerger Kulturschaffend nach méi kënne förderen. An deem Sënn hu mer décidéiert fir elo am Hierscht, am Oktober, fir d'alleréischte Kéier e Lëtzebuerger Filmpräis auszespillen. Dat gëtt ganz bescheiden. Dat soll och bescheide sinn. Dat soll an eise Moosse sinn. Mir sinn net Hollywood a mir wëllen net Hollywood ginn, mä et ass eng Méiglechkeet fir Lëtzebuerger Filmschaffend, oder besser gesot Filmschaffend vu Lëtzebuerg zu Éiere kommen ze loossen, an deenen doduerch eng gewëssen Hëllef ze ginn - e Filmpräis, dat ass ëmmer gutt, wann et op enger Carte de visite steet -, fir an d'Distributiounscircuiten eranzekommen, och fir Suen ze kréien, wa se musse Fonge siche goen. Dat ass also en neit Element, wat mer wëlle maachen.

Ech sinn dofir frou, dass d'Kulturministesch och Bauteministesch ass, a mer dat Evénement an der Rotonde zu Bouneweg kënnen ofhalen, an ech wär nach méi frou, wa ganz vill Leit aus der Chamber géifen dohinner kommen.

Den drëtte wichtege Punkt, wou ech mengen, dass fir d'Zukunft mer eis mussen driwwer Gedanke maachen, wéi mir dat verstäerken, dat ass d'Formatioun. Et gëtt eng Partie Ausbildungen zu Lëtzebuerg. Ech mengen awer net, dass dat, wat mir elo zur Zäit maachen, duer geet, an do misste mer eis Gedanke maachen, ob een dat net och kéint an der Groussregioun maachen. Elo nëmmen zu Lëtzebuerg Ausbildung ze maachen, weess ech net, ob dat duer geet, mä mir mussen, wa mer nach gäre méi Leit d'Méiglechkeet ginn an all deene Beräicher ze schaffen, wou nach Aarbechtsplaze geschafe ginn, e bësse méi op d'Formatioun Wäert leeën.

De véierte Punkt ass eigentlech deen, mat deem mir haut de Mëtteg ugefaangen hunn, Här Halsdorf, dat sinn d'Koproduktiounen. Mir hu ganz gutt Erfahrunge gemaach mat Koproduktiounen. Et ass ganz schwiereg zu Lëtzebuerg, fir en eegestännege Film ze maachen. De „Club des chômeurs", dat war en typesch lëtzebuergesche Film, hat och ganz vill Succès, ass awer éischter rar. Mir sinn ze kleng, fir dass mer elo nëmme géifen, ech nennen dat emol pauschal Kachkéis-Bouneschlupp-Filmer maachen.

Dat eleng geet net duer. Mir mussen also och Filmer maachen, déi doriwwer eraus kënnen distribuéiert ginn an do hëllefen d'Koproduktioune ganz vill, well ee jo da Partner huet, wou een dann an eng gewësse Produktioun kënnt. Iwwregens ass et ganz schwiereg ze definéiere wat e Lëtzebuerger Film ass. Ech mengen et ginn Themen, déi Lëtzebuerger Theme sinn, dofir muss et net onbedéngt e lëtzebuergesche Film sinn.

Et gëtt ee Film vun deem an der leschter Zäit relativ vill geschwat gouf. Dat ass de Film Black Dju. Dat ass e Film mam Philippe Léotard, an et ass dovunner geschwat ginn, well de François Léotard e Buch geschriwwen huet iwwert säi Brudder, dee Schauspiller war, dee gestuerwen ass, de Philippe Léotard a gesot huet: „Mäi Lieblingsfilm, dat ass de Black Dju."

Dat ass e Film, deen ass vun engem Lëtzebuerger Réalisateur, dem Paul Cruchten, vun engem Lëtzebuerger Producteur, SAMSA-Film, produzéiert ginn an dat ass e Film, deen op franséisch ass. Et ass awer e Film, deen eng Thematik uschwätzt, déi eng Lëtzebuerger Thematik ass, nämlech Kapverdianer, déi hei op Lëtzebuerg kommen an hei verluer sinn. Also ech mengen, dofir e Lëtzebuerger Film just nëmme mat Lëtzebuerger Sprooch gläichzestellen, do wär ech e bësse skeptesch. Wichteg ass, dass een do muss eng gewësse Flexibilitéit bréngen.

Wichteg sinn also nach eng Kéier d'Koproduktiounen an do hu mer mam Québec ugefaange gehat a Kanada a mir sinn och nach a Gespréicher mat Irland a mat Éisträich. Fir eis war extrem wichteg, an dat huet den Här Halsdorf scho gesot, Frankräich.

Wuerfir? Well eben d'Fransouse ganz chauvinistesch waren an eng ganz Partie franséisch Produzenten, déi wollte mat Lëtzebuerger Kolleegen zesummeschaffen, et net fäerdeg bruecht hunn, fir zougelooss ze ginn. Well a Frankräich d'Schauspillergewerkschafte gefaart hunn do géifen Dumping-Präisser zu Lëtzebuerg kommen, wat ech mer wierklech net ka virstellen, well eng ganz Partie vun aneren Interesse bäikomm sinn an do ass, ech géif bal soen, zéng Joer laang ganz vill diskutéiert ginn, virun allem eis Produzenten hu ganz vill gemaach fir lues a lues Frankräich ze iwwerzeege mat eis ofzeschléissen an och politesch hu mer de Service des Médias et des Communications, an ech selwer als Minister, relativ vill Drock gemaach, fir zu deem Accord ze kommen, dee mer virun zwee Joer zu Cannes ënnerschriwwen hunn.

Dat gëtt de Lëtzebuerger Produzente méi Méiglechkeet fir eben esou Geschäfter ze maachen. Well wann Der e bëssen d'Ziffere kuckt, mir hunn eng Partie Lëtzebuerger Produzenten, déi mëttlerweil Ofleeër gemaach hunn an anere Länner. An ech mengen, dass dat

richteg ass. Ofgesinn dovunner, dass mer zu Lëtzebuerg net vill anere Choix hunn, mengen ech, dass et och richteg ass an europäescher Hinsiicht. Wa mer wierklech wëllen eppes fir den europäesche Film maachen ass d'Koproduktioun just dat Bescht, well doduerch dass et eng Koproduktioun ass kënnt ee scho vill méi liicht a Circuiten, an déi eenzel Länner eran, an de Film reest einfach vill méi an e kritt méi eng Masse critique. Dat ass de ganzen Ënnerscheed tëschent dem amerikanesche Film mam europäeschen. Bei dem amerikanesche Film ass vill méi eng grouss Masse critique wéi bei dem Lëtzebuerger.

Dat bréngt mech zu dem fënneften a leschte Punkt. Dat ass d'europäesch Politik. Mir hunn d'Kommissärin, d'Viviane Reding, ëmmer ënnerstëtzt an hiren Initiativen, wéi zum Beispill de Programm Media Plus, fir eben ze kucken, dass an Europa mer kënnen Hëllefe ginn un déi eenzel Leit. A mir hunn och beim Viviane Reding eng Virspriecherin fonnt, wann ech dat emol kann esou soen, fir innerhalb vun der europäescher Kommissioun drop opmierksam ze maachen, dass een d'Filmproduktioun net kann esou liberaliséiere wéi een anerer kann, wann ee wëllt liberaliséieren.

De Problem ass nämlech, mir si jo net dat eenzegt Land wat Hëllefe gëtt direkt an indirekt, dat maachen och nach anerer. An d'Kommissioun hat déi doten Hëllefen um Kicker, well se gesot huet, dat sinn Aides de l'Etat an hei si mer an enger Industrie, an hei dierft Der keng Aides de l'Etat ginn. An do ass et drëm gaang fir d'Spécificité culturelle festzeleeën. Do huet d'Kommissioun sech zu engem Kompromësspabeier duerchgerongen, mat deem mer kënne liewen, wou ech och géif mengen, dass eis Hëllefen do fir de Moment net a Gefor si mat deem Kompromësspabeier. Et muss een awer kucken, dass dat och, an ech erënneren un d'Debatt, déi Der den Dënschdeg hat nom Konvent, esou weidergeet.

Mir hunn zurzäit en Artikel an dem Traité, et ass den Artikel 151 (4), dat ass just deen, op deen ee sech ka beruffen, fir ze soen, majo d'Länner mussen hei nach eng Kompetenz hunn, fir national Filmhëllefe kënnen ze ginn. Wann den 151 (4) net géif an déi nei Konstitutioun iwwerholl ginn, wär dat ganz schlecht fir déi ganz europäesch Filmproduktioun. Fir de Moment, mengen ech, ass net virgesinn, dass se soll gestrach ginn, mä ech wëll dat awer hei mat op de Wee ginn, och fir d'Vertrieder vun der Chamber.

En anere Punkt, deen natierlech e bësse wéi deet, dat ass deen, deen elo awer am Text ass, nämlech dass fir alles wat Aussenhandel ass, d'Majorité qualifiée spillt, an dass d'Kommissioun do verhandelt. Dat ass eng ënnerschwelleg Gefor fir GATS-Verhandlungen an aner Verhandlungen, déi géife kommen. Ech wëll dat och hei soen. Mir sollen dat also wierklech suivéieren.

***(Interruption)***

Ech ginn och dovunner aus, Här Fayot, dass mer eng Partie kulturinteresséiert Leit hunn, déi do baggere fir deem Anhalt ze gebidden.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, dat war elo ouni Zifferen, well ech hoffen, dass d'Press mëttlerweil och d'Ziffere krut. Nach ëmmer net. Da maache mer dat. Ouni Zifferen, e bëssen e politesche Bilan, wéi ech e gesinn. Ech mengen, dass dat wat vun '88 un an d'Wee geleet gouf, dat Richtegt war, an ech hunn lech och d'Weiche gewise wéi mer an Zukunft wëllen do weidergoen an ech hoffen, dass dat kënnt e Sukkurs fannen, woubäi ech awer och hoffen, dass nach vläicht déi eng oder déi aner gutt Iddi hei opkënnt, déi mer da selbstverständlech mat opgräifen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Premier Jean-Claude Juncker huet a senge leschten Deklaratiounen zur Lag vun der Natioun dem Thema vun der ekonomescher Diversifikatiounspolitik e grousst Gewiicht zoukomme gelooss. Hien huet ënner anerem vun „enger responsabler a raisonnabler Nischepolitik" geschwat, déi sech virun allem an de Kader vum Standuert Lëtzebuerg selwer, mä awer och an de Kader vum eenheetlechen europäesche Maart integréiert.

Eng „intelligent an europadénglech Besetzung vu Qualitéitsnischen, deenen hiren Ameublement e bestännegen an nohaltege Wuesstum séchert, d'Schafung vu Valeur ajoutée, ouni Landverbrauch an ouni Aarbechtsmaartexplosioun". Dat war ënner anerem en Deel vun de wirtschaftleche Prioritéiten, déi de Premier opgezeechent huet.

Et geet an de kommende Joren drëm fir d'Standuertvirdeeler vun eisem Land, mat deene mer ville Länner e gudde Strapp viraus sinn, deene schmackhaft ze maachen, déi zu Lëtzebuerg hir Aktivitéiten entwéckele wëllen, an déi Secteuren, déi mer zu Lëtzebuerg hunn an déi gutt Resultater opweise kënnen, niewent deene bekannten Nischen, wéi beispillsweis d'Finanzdéngschtleeschtungen, ze consolidéieren oder och souguer auszebauen.

D'Beméiunge fir der Lëtzebuerger Ekonomie zu neie Standbeener ze verhëllefe sinn awer net nei. No der Stolkris ass den Déngschtleeschtungssecteur virun allem um Niveau vun de Banken an den Assurancë konsequent ausgebaut ginn, wat mat sech bruecht huet, datt den Déngschtleeschtungssecteur dräi Véirel vum PIB an ëmmerhin 83% vun eiser Aarbechtskraaft ausmécht.

An den 80er an an den 90er Joren huet d'Regierung awer ugefaange fir eiser Ekonomie weider Diversifikatiounsméiglechkeeten ze ginn, an et war grad an dëser Zäit wou eist Land ugefaangen huet sech an de Secteure vun de Medien esou wéi an der audiovisueller Produktioun ze investéieren.

Haut kënne mer soen, an den zoustännege Kommunikatiounsminister huet et och scho virdru gesot, datt mer eng fest Gréisst sinn op der weltwäiter Medielandkaart, mat de Medierisen SES an RTL Group, a mat enger ganzer Panoplie vu Sociétéiten an Entreprisen, déi hir Aktivitéiten an der Mediebranche a ronderëm dës zwou Gruppen entwéckelt hunn, déi haut an deem Mooss mat Lëtzebuerg verbonne sinn, wéi et an der Zäit d'ARBED war.

Wa mer vum Mediestanduert Lëtzebuerg schwätzen, da komme mer net derlaanscht fir och déi audiovisuell Produktioun am Kader vun dëser Debatt méi genau ze beliichten. Ech wëllt dofir och meng Zäit notze fir e klengen Tour d'horizon an dësem zukunftsfäegen Dossier ze maachen an zu gläicher Zäit dës kleng Success story fir de Standuert Lëtzebuerg als Ulass huelen, fir e puer méi fundamental Froen an Iddien opzegräifen, fir datt och an Zukunft dëse Secteur sech weiderentwéckelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Laf vun den 80er Jore konnt e legislativen a reglementaresche Kader geschafe ginn, deen den audiovisuelle Secteur niewent RTL an SES als drëttgréissten am Mediesecteur etabléiere soll.

De Filmfong huet an der Erfollegsstory vun der Lëtzebuerger Filmindustrie e groussen Undeel, also déi Ariichtung, déi ënnert der Regie vum Kulturministère an dem Kommunikatiounsministère all déi Programmer mat de finanziellen Instrumenter geréiert fir Produktiounen a Koproduktiounen zu Lëtzebuerg ze promouvéieren. Et ass kloer, datt de Filmsecteur bei eis zu Lëtzebuerg ouni déi finanziell Hëllefe vum Stat net iwwerliewensfäeg wier. Et ass grad esou kloer, datt de Secteur momentan nach net dat erabréngt, wat u finanzielle Mëttelen an de Secteur gepompelt gëtt.

Ech mengen, datt een hei ganz kloer muss betounen, datt d'Filmproduktioun zum kulturelle Liewe vum Land gehéiert an domadder d'Hëllefen un d'Filmproduktioun net kënnen d'Ambitiounen hunn, fir integral déi finanziell Recetten ze généréieren, déi iwwert de Wee vun der Filmhëllef an dëse Secteur investéiert ginn.

Dëst wëllt awer net heeschen, datt d'lëtzebuergesch Filmproduktioun exklusiv iwwert de Wee vu Subventioune ka finanzéiert ginn, an ech verwiere mech och dofir géint Demanden, déi elo fuerderen iwwert d'Filmhëllef, awer och iwwert d'Accords bilatéraux, hir Filmer quasi 100%eg vu staatleche Gelder finanzéiert ze kréien. Och hei muss en Deel Eegerisiko beim Produzent oder de Produzente bleiwen, well soss komme mer jo an déi Situatioun, datt mer hei eng staatlech finanzéiert Filmproduktioun kréien, an déi kéint an dësem Fall jo dann net méi privat gedroe ginn, mä misst da sécher iwwert den CNA lafen. Ech plädéieren also ganz kloer dofir, datt mir op deem ageschloene Wee vun de finanziellen Hëllefe bleiwen an eis hei och net vum Ruff no enger quasi integraler Subventioun vu lëtzebuergesche Filmer impressionéiere loossen.

Här President, et ass awer zweifelsouni fir eist Land vu grousser Wichtegkeet, fir d'Image de marque opzewäerten, an de Minister huet et och scho virdrun hei betount, d'Filmproduktioun ass a wäert och an Zukunft an dësem Kontext e wichtegt Instrument duerstellen, fir eis no baussen ze verkafen, well de Secteur haut schonn en integrale Bestanddeel vum Lëtzebuerger Kulturliewe representéiert. Ech begréissen dofir och ausdrécklech d'Iddi vun der Organisatioun vun engem lëtzebuergesche Filmfestival, deen den nächsten Oktober hei fir d'éischt soll iwwert d'Bühn goen. Dëse Filmfestival schéngt mer en ideale Vehikel ze sinn, fir lëtzebuergesch Filmproduktiounen, souwuel an eisem Land wéi awer och iwwert d'Grenzen eraus, besser ze vermaarten.

De Bilan, dee mer haut aus den Erfahrungen aus de leschten 10 bis 15 Joer virleien hunn, léisst sech wierklech weisen, an dat virun allem bei de sou genanntene Certificats d'investissement audiovisuel, déi 1988 an d'Liewe geruff gi sinn, esou wéi bei de verschiddenen Hëllefe fir Produktioun, Koproduktioun, beim Ausschaffe vun Dréibicher oder fir d'Distributioun, déi vum Filmfong geréiert ginn. Ech brauch déi Zuelen net am Detail ze analyséieren, an deene Pabeieren, déi eis fir de Mëtteg virgeluecht gi sinn, ka jiddfereen déi Zuelen am Detail noliesen.

Aus dësen Zuele geet awer ervir, datt de Secteur net eréischt an de Kannerschong ass, mä datt Lëtzebuerg en interessanten a fiable Partner bei internationale Produktiounen duerstellt. Am Kontext vun dëse positiven Entwécklunge konnten sech an de leschte Joren net manner wéi 16 Produktiounsfirmen zu Lëtzebuerg etabléieren, mat 650 Employéen, dovun iwwer 250, déi an der Animatioun täteg sinn. Si all verfügen entre-temps iwwert en Know-how, dee mat deem aus dem Ausland duerchaus konkurréiere kann. Kee Wonner also, datt si och am Ausland ëmmer méi heefeg fir Produktiounen hei zu Lëtzebuerg sollicitéiert ginn. Et ass deemno kloer, datt sech de Métier vum Filmproduzent och an de leschte Jore ganz besonnesch staark entwéckelt huet.

Et muss duerfir am Kader vun der Consolidéierung vun der Filmbranche hei zu Lëtzebuerg driwwer nogeduecht ginn, fir och um Niveau vun der Formatioun Zukunftsperspektiven ze erschléissen. Grad am Kader vun der zukünfteger Uni Lëtzebuerg, komme mer net derlaanscht fir eventuell op Héichschoulniveau ze préifen, ob ee Filièren am Art cinématographique kéint an d'Liewe ruffen. De Filmstanduert Lëtzebuerg kéint duerch seng Proximitéit e wichtegen Atout am Kontext vun der praktescher Ëmsetzung vun theoreteschem Wëssen duerstellen, an dat mëttels Stagen oder Séminairen.

Mä net nëmmen de Secteur selwer profitéiert vum Ausbau, e gudden Deel vun den accordéierten Hëllefen, sief et sous forme vun de Certificaten, steierleche Vergënschtegungen oder aus selektiven Hëllefe vum Stat, wanderen erëm indirekt zréck an d'lëtzebuergesch Wirtschaft. Et si virun allem kleng Handwierksbetriber an den Horesca-Beräich, déi vun de Produktiouns- an Dréiaarbechte virun allem hei zu Lëtzebuerg profitéieren. Et brauch ee sech nëmmen auszerechnen, wat et beispillsweis engem Hotel bréngt, wa während Deeg eng ganz Filmcrew do ënnerbruecht gëtt.

Trotz dëse villverspriechenden Zuelen, muss een awer nach feststellen, datt de Lëtzebuerger Marché et nach ëmmer net erlaabt fir eleng eng Produktioun ze finanzéieren. D'Kooperatiounsaccorden, esou wéi mer se de Mëtten hei vum honorable Jean-Marie Halsdorf virgestallt kritt hunn, spillen an dësem Kader eng wichteg Roll fir Lëtzebuerg als Filmstanduert dauerhaft ze etabléieren.

Kooperatioune bestinn an der Haaptsaach mat franséischsproochege Partneren, wéi zum Beispill Frankräich, Kanada oder der Regioun Québec. Mä och mat anere Länner bestinn Accorden oder lafe Verhandlungen, fir dës an allernächster Zukunft zu engem glécklechen Ofschloss ze bréngen. An dësem Kontext wéilt ech och de Kommunikatiounsminister froen, wat fir eng laangfristeg Strategie virläit, fir eventuell en Netzwierk mat Partneren opzebauen. Wat fir eng Accordë sti virun hirem eminenten Ofschloss? Wéi steet et an Zuelen ausgedréckt mat der Ëmsetzung vun deene scho bestoenden Ofkommen?

Här President, et ass kloer, datt mer de Lëtzebuerger Filmsecteur nëmmen am Ausland promouvéiere kënnen, wa Lëtzebuerg och op internationale Festivale present ass. Ech wëllt an dësem Kontext nëmmen op de Festival vu Cannes hiweisen, wou Lëtzebuerg dëst Joer mat enger Rei vu Koproduktioune vertruede war, och op der Berlinale war Lëtzebuerg an de leschten zwee Joer vertrueden a konnt duerch verschidde Produktiounen op sech opmierksam maachen, wéi beispillsweis duerch de priméierte Kuerzfilm vum Dan Wiroth «Eré Méla Méla». Last but not least war Lëtzebuerg op der 59. Mostra internationale d'art cinématographique zu Venedeg, wou zwou Lëtzebuerger Produktiounen an den offizielle Selektioune vertruede waren.

En anere Punkt, deen ech an dëser Debatt wëllt opgräifen, ass d'Lëtzebuerger Participatioun an europäesche Programmer. Als Beispill wëllt ech Eurimages huelen, e Programm vum Europarot, deen Hëllefe fir Koproduktiounen a fir d'Distributioun zur Verfügung stellt. Ech wollt an dësem Kontext d'Fro opwerfen, Här Minister, ob domadder all Participatiounsméiglechkeeten an europäesche Programmer ausgeschöpft sinn, an ob um Niveau vun der europäescher Kommissioun nach Programmer existéieren, wou Lëtzebuerg dra vertrueden ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer hei och zwou méi kritesch Iwwerleeungen ubréngen. Déi éischt betrëfft d'Kontrollméiglechkeeten, déi de Filmfong huet, am Kader vun der Produktioun vu Filmer, wou Lëtzebuerg als Land Koproduzent ass. Ech denken hei, an de Minister huet et virdrun ugeschwat, un de wahrscheinleche Flop vum Film „Le passage secret", dee wahrscheinlech ni wäert an d'Distributioun kommen. Ech kennen d'Grënn net, mä ech huelen einfach emol un, datt en ze schlecht ass.

Wann een awer do trotzdeem gesäit, datt dee Film méi wéi 30 Milliounen Euro kascht huet, also méi wéi 1,2 Milliarden al lëtzebuergesch Frangen, an och weess, datt mir iwwert e Filmfong do méi wéi fënnef Milliounen Euro dran investéiert hunn, esou muss ee sech dach trotzdeem hei eng Rei vu Froe stellen, well hei sinn esouwuel natierlech vun den Haaptproduzente wéi vum lëtzebuergesche Stat sécherlech dann eng Rei vu Milliounen an de Sand gesat ginn. Wann een op där anerer Säit awer weess, datt iwwert de Wee vun den Hëllefen, wéi gesot, eng Rei vun esou Millioune falsch investéiert gi sinn, muss een also d'Fro vun enger besserer Kontroll stellen, déi vläicht esou Investissementer évitéiert hätt.

Fir net falsch verstanen ze ginn, wëll ech nach eng Kéier betounen, datt et natierlech an der Filmproduktioun, an de Minister huet et och scho virdru betount, ëmmer erëm Flope ginn, géint déi kee gewappnet ass, an och déi grouss amerikanesch Produzente ginn ëmmer erëm mat esou Filmer konfrontéiert, an et kënnen also och net a fortiori d'lëtzebuergesch Produktioune sinn, déi ëmmer e grousse Succès duerstellen.

Ech wëll och an deem Kontext betounen, datt hei sécherlech keng Responsabilitéit op de Filmfong zoufält, dee jo a sech absolut keng Interventiounsméiglechkeeten huet an deen nëmmen iwwert de Remboursement vu gewëssenen Dépensen intervenéiert. Nach muss ee sech allerdéngs awer d'Fro stellen, wéi et méiglech ass, datt trotzdeem fir lëtzebuergesch Verhältnisser, fir esou een enorm héije Budget, dach deelweis hei ënner abenteuerleche Bedéngungen e Film produzéiert ginn ass, an ech wär dofir och frou vum zoustännege Minister vläicht nach eng Rei vun Explikatiounen ze kréien.

A vläicht kënnt hie mir och soen, ob et net hei méiglech wär zousätzlech Kontrollméiglechkeete virzegesinn, wann zum Beispill, wéi dat jo hei de Fall war, de Budget initial, dee jo a sech virgesi war, largement dépasséiert ginn ass. Ech stelle mer d'Fro, ob een do net zum Beispill kéint e Clignotant festleeën, deen, wann ebe beim initiale Budget e gewëssene Pourcentage géif dépasséiert ginn, automatesch nach eng Kéier déi Fro vun dem Remboursement vun Dépensen erëm géif zousätzlech kontrolléiert ginn.

Eng aner kritesch Bemierkung betrëfft d'Televisiounsproduktiounen. Wéi een aus de Statistike kann erausliesen, muss ee feststellen, datt d'Televisiounsproduktiounen a méi speziell Showévénementer nëmme ganz selten an de Genoss vun Hëllefe staatlecher Säit kommen, well se ganz einfach de Wee op Lëtzebuerg scheien. Et schéngt mer wéi wann dat steierlecht Ëmfeld an dësem Fall vläicht net géif duer goen, fir esou Televisionsproduktiounen op Lëtzebuerg ze kréien. Dat schéngt mer awer ëmsou méi bedauerlech ze sinn, wann een a Betruecht zitt, datt besonnesch den RTL Group iwwer RTL Däitschland jo ganz vill Televisiounshowë produzéiert, déi och international en enormen Erfolleg hunn,

wann ech elo nëmmen un déi ganz bekannten Televisiounsshow RTL Superstars denken.

An do muss een natierlech dann d'Fro stellen, firwat den RTL Group, deen awer trotzdeem e wichtegt Standbeen nach ëmmer hei zu Lëtzebuerg huet, net mat méi Engagement versicht Televisiounsproduktiounen hei op Lëtzebuerg ze kréien. Ech sinn dovun iwwerzeegt, dass emol fir d'alleréischt mer missten e Motor hei op Lëtzebuerg kréien, deen esou Televisiounsproduktioune kéint initiéieren, an dat misst eigentlech an dësem Fall och den RTL Group sinn. Ech weess, dass emol ëmmer erëm an der Vergaangenheet Engagementer vun deene Responsable vum RTL Group geholl gi sinn, fir sech mat méi Engagement esou Televisiounsproduktiounen zu Lëtzebuerg hinzeginn. Bis elo schéngt dat nach net an deem Mooss passéiert ze sinn, dofir wär ech och frou, wann de Minister eis herno kéint dozou verschidden Explikatioune ginn.

Zesummefaassend wëll ech nach eng Kéier op e puer Iwwerleeungen zréckkommen, déi meng, esou wéi menger Fraktioun hir Meenung am beschten erëmspigelen.

Éischtens: Et muss ee préifen, ob een d'Plafonge vun de Certificats d'investissement audiovisuel net ganz ofschafe soll, fir dass eventuell nach méi Produktiounen an de Genoss vun dëse steierleche Virdeeler kënne kommen.

Zweetens: Dat Kooperatiounsnetz, wat d'Regierung amgaangen ass op d'Been ze setzen, soll an de kommende Méint a Jore weider ausgebaut ginn, fir eist Land op der cinématographescher Landkaart dauerhaft als fest Gréisst kënnen ze etabléieren.

Drëttens: Um Niveau vun der Ausbildung sollen d'Medien am Generellen an d'Filmbranche am Spezielle méi Berücksichtigung fannen. Am Rapport vun der Mediekommissioun iwwert de Bilan vum 1991er Gesetz iwwert d'elektronesch Medien, hate mer schonn op dës Noutwendegkeet higewisen, an dat virun allem am Kontext vum wuessenden Afloss vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien a vun den Entreprisen, déi sech an dësem Secteur bei eis zu Lëtzebuerg etabléiert hunn.

De Produktiounsstanduert Lëtzebuerg ass haut e Secteur, wou jonk Leit Perspektive kënnen entwéckelen, wann déi néideg Formatiounsfilièren an eise Schoulen, awer virun allem op Héichschoulniveau bestinn. D'Uni Lëtzebuerg soll dësen Atout opgräifen an an de kommende Joren déi entspriechend Formatiounen opbauen.

Véiertens: De Secteur verschléngt haut grouss Zomme fir Produktiounen, déi sécherlech um kënschtlechen Niveau den internationale Vergläich net ze scheie brauchen, déi awer um finanzielle Plang nëmmen an deene seltenste Fäll gewënnbréngend sinn. Dofir ass et wichteg, dass Lëtzebuerg un de Programmer, déi vun den internationale Gremien an Organisatiounen ausgeschafft ginn, aktiv deelhëlt, fir déi néideg Fonge vläicht och iwwert dee Wee zesummenzebréngen.

Fënneftens: D'Efforten, déi um Niveau vun der Presenz vum Lëtzebuerger Filmsecteur am Ausland op internationale Festivaler gemaach gi sinn, hu rezenterweis déi néideg Unerkennung bruecht. Dat ass déi richteg Strategie, fir de Secteur no bausse visibel ze maachen a fir op Standuertvirdeeler vu Lëtzebuerg opmierksam zu maachen.

Sechstens: Last but not least, wéilt ech awer do unhaken an op e puer Iddiën, wat déi steierlech Moossnamen ubelaangt, méi detailléiert agoen. Lëtzebuerg huet am Kontext vu senger Standuertpolitik ëmmer de steierlechen Aspekt privilegiéiert an domadden a sech gutt Erfahrunge gemaach. Verschidde Nischen, déi mer mat der Zäit erschloss hunn, bréngen eis haut och nach signifikativ Steierrecetten an d'Statskeess, währenddeems se gläichzäiteg bestëmmten Aktivitéiten op eisem Territoire förderen.

Wat elo d'Filmindustrie ubelaangt, denken ech, dass een emol soll eng Pist ausloten, an zwar déi vun der steierlech favorabler Behandlung vun der Gestioun vun Autorerechter. All audiovisuell Produktioun, all Film, dee gedréint gëtt, fält ënner ville Gesichtspunkten ënnert d'Autorerechter. Wa mir et géife fäerdeg bréngen duerch d'Schafung vun engem steierlech gënschtege Kader fir d'Gestioun vun Autorerechter en Zentrum vun dëser Aktivitéit ze ginn, dann hätte mer eis en interessanten Zousazsecteur zu der Filmindustrie a sech erschloss. Natierlech kann een esou e Regime nëmmen op Gesellschaften a méi prezis op Kapitalgesellschaften applizéieren.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Dat bréngt mech dann och dozou fir d'Iwwerleeung unzeregen, ob mer net sollten eis Holdinggesetzgebung esou modifizéieren, dass d'Gestioun an d'Exploitatioun vun Autorerechter e gesellschaftlechen Objet vun enger Holdinggesellschaft kéinte sinn. Bis elo kënnen se dat net, wat a sech erstaunlech ass, well d'Breveten an och d'Exploitatioun an d'Gestioun vu Breveten jo ënner Holdingsobjete falen, an da misst eigentlech an därselwechter Logik et och méiglech sinn en anert intellektuellt Recht, nämlech d'Autorerecht, och ënner esou en ähnleche fiskale Regime falen ze loossen. Domadder hätte mer dann en Instrument geschaaft, wat mat Sécherheet all deenen eng interessant Standuertalternativ géif ginn, déi mat der Exploitatioun vun den Droits d'auteur ze doen hunn. Ech géif mer wënschen, Här Minister, dass mer dës Iwwerleeung vläicht séier an och eingehend kënnte féieren. Et muss och elo net onbedéngt de Wee iwwert d'Holdinggesellschaft sinn, mä ech mengen, dat wär op jidde Fall e Modell, deen een emol eng Kéier kéint méi seriö iwwerleeën.

Am selwechte Steierkontext wëll ech dann nach eng Kéier umierken, dass AOL an Amazon sech an eisem Land etabléiere wäerten, well se bei eis e favorabelt Steierëmfeld virfonnt hunn. Lëtzebuerg gëtt domadden en Zentrum vun Internetdéngschtleeschtungen, wou d'Potenzialitéiten, menger Meenung no, nach net ausgeschöpft sinn.

An dësem Sënn wéilt ech nach eng aner Iddi opgräifen, nämlech ze kucken, fir um Niveau vum Internet eng Rei vu steierlechen Avantagen ze schafen, fir beispillsweis d'Verbreedung vun audiovisuelle Produktiounen iwwert den Internet ze promouvéieren. Och dëst schéngt mir eng Méiglechkeet ze sinn, fir zousätzlech d'Mediestandbeen Lëtzebuerg weider auszebauen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst sinn e puer Pisten, déi meng Fraktioun an ech selwer dem Kommunikatiounsminister wollte mat op de Wee ginn. Ech denken, dass et sech heibäi ëm ëmsetzbar Moossnamen handelt fir de Secteur weider auszebauen oder op d'mannst ze consolidéieren. An deem Sënn géif ech Iech merci soe fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächst Diskussiounsriednerin ass d'Madame Mady Delvaux-Stehres agedroen. D'Madame Delvaux-Stehres huet d'Wuert.

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut zwee Punkten um Ordre du jour, zwee Accords de coproduction, ee mat Däitschland an ee mat Frankräich. Ech wëll direkt virausschécken, dass d'sozialistesch Fraktioun hiren Accord gëtt zu dësen zwee Accorden.

De Minister huet profitéiert vun der Geleeënheet, fir e Bilan iwwert d'Filmindustrie zu Lëtzebuerg ze maachen. Ech kann elo net soen, ech hätt et vu Spannung net ausgehalen, fir dee Bilan ze héieren, mä ech mengen, et war awer eng gutt Iddi, fir dass mer de Mëtteg dësen Débat an der Chamber kënnen hunn.

Ech si mat enger ganzer Rei vun Aussoe vum Minister d'accord, ënner anerem dass et gutt ass, dass mer eng Filmindustrie zu Lëtzebuerg hunn, dass mer se sollen halen a kucken opzebauen. Ech sinn och mat där Ausso d'accord, dass Filmer maachen ouni Aiden zu Lëtzebuerg, an ech géif mengen a ganz Europa, net ka funktionéieren, dass mer also musse gutt oppassen, dass mer eng europäesch an och eng national Filmproduktioun behalen.

Et sinn awer eng Rei Nuancen, déi ech zum Minister sengen Aussoe muss formuléieren. En gros kann een et esou resüméieren, och déi Texter, déi ee liest vum Ministère, dass mer eng lieweg Filmindustrie hunn. An da gëtt opgefouert, wat alles zu Lëtzebuerg leeft, an dass et gutt ass, dass mer Koproduktioune maachen, well dat eis et erlaabt e ganze Koup Problemer ze léisen.

Déi zwou Saachen, mengen ech, si mat Nuancen ze genéissen. Fir d'éischt emol d'lieweg Filmindustrie. Wéi dat éischt Gesetz gestëmmt ginn ass 1988 iwwert d'Tax shelter, wou d'Certificats audiovisuels agefouert si ginn, do war ech zwar net an der Chamber, mä ech ka mech awer erënneren, dass dat verkaaft ginn ass als eng Lex CLT, an dat sollt d'CLT dozou ureize fir selwer an d'Produktioun eranzeklammen, an doduerch géif dann eng einheimesch Filmproduktioun entstoen.

Et huet sech awer erausgestallt, dass d'CLT net interesséiert war, fir Filmer ze produzéieren, a si ass manifestement haut nach ëmmer net staark interesséiert fir an d'Filmproduktioun eranzeklammen. Allerdéngs hunn awer auslännesch Firmen erausfonnt, dass et finanziell interessant wär zu Lëtzebuerg Filmer ze dréinen, well se kënnte vu steierlechen Avantagë profitéieren.

Am Laf vun de Jore sinn eng ganz Rutsch international prestigiéis a manner prestigiéis Filmer zu Lëtzebuerg gedréint ginn. Dat huet villen Awunner vum Land eppes bruecht: Firmen, déi als Prestataire de services opgetratt sinn, Techniker, déi op de Produktioune konnte matschaffen, heiansdo ass och e Lëtzebuerger Acteur an enger Nieweroll opgetaucht, ganz vill Lëtzebuerger oder besser gesot Einheimescher, fir mam Minister ze schwätzen, hunn als Statiste matgemaach a ware begeeschtert dobäi ze sinn. Da gouf et nach eng Rei méi oder manner VIPen, déi frou ware sech mat ganz bekannte Stare fotografiéieren ze loossen.

D'Fro sief awer erlaabt, ob eng sporadesch Presenz vun der internationaler Filmszen zu Lëtzebuerg, automatesch en Effet d'entraînement huet op d'Lëtzebuerger Produktioun an ob doduerch automatesch eng Lëtzebuerger Filmindustrie entsteet. D'Äntwert dorobber ass ganz sécher neen. Dofir gëtt et jo och de Filmfong, deen am Fong dës Industrie an dës Produktioun soll ënnerstëtzen.

Da gëtt gefrot vu ville Leit, wat sinn dann d'Retombéeë fir Lëtzebuerg vun deene ganzen Aiden, déi steierlech an déi direkt, déi mer ginn? Do gëtt et éischtens den allgemeng ekonomeschen Aspekt, da gëtt et den Aarbechtsmaart, an da gëtt et dat Kulturellt.

Op den ekonomeschen Aspekt wëll ech net méi zréckkommen. Iwerall liese mer, dass 50% vun den Aiden erëm zréckfléissen, déi meescht an den Horesca-Secteur. Dat ass sécher gutt, mä et ass jo net d'Zil vun der Filmförderung fir d'Horesca ze subventionéieren.

Deen zweete Volet ass dee vum Aarbechtsmaart a vun der Entwécklung vun neie Beruffer. Ech sinn och d'accord, dass ee soll an nei Formatiounen, vläicht imaginativ, investéieren, net nëmmen op der Uni, mä och op aneren Niveauen, wou kann eng Ausbildung gi sinn. Ech mengen, et ass positiv wa jonk Leit a manner jonk Leit Perspektive kréien, fir eng ganz Gamme vun interessante Beruffer, déi mam Film ze dinn hunn, technescher, kreativer, Zeechner, ech wëll se net alleguerten opzielen. An de Rapporte steet, dass mer ongeféier 450 Techniker hei zu Lëtzebuerg hunn.

Et ass awer esou, dass déi grouss auslännesch Boîten, wann déi op Lëtzebuerg kommen, ganz oft hir technesch Equipë scho matbréngen, an da brauchen se nach punktuell Leit aus der lokaler Szen, fir dobäi ze sinn. Da wësse mer och, dass e Film dréinen normalerweis eng Saach vun e puer Wochen ass. Während där kuerzer Zäit gi ganz vill Leit gebraucht. Da sinn der nach e puer an der Postproduktioun beschäftegt, an da sëtzen der ganz vill do ze waarden, dass erëm den nächste Film gedréint gëtt. Dat heescht, et ass also e Problem vun der Ofsécherung vun deene Leit, déi an deem Secteur schaffen. D'Regierung huet dat jo och festgestallt. Ech denken, dass dofir e Projet de loi déposéiert ginn ass, deen de Statut vum Artist an domadder och vum Intermittent du spectacle soll nei organiséieren. Ech wëll dee Projet hei net diskutéieren, ech hu just eng Remarque ze maachen, déi sech dann un de Minister, dee Gott sei Dank och nach Aarbechtsminister ass, riicht, dee mer déi da ka vläicht direkt beäntwerten.

De Projet gesäit nämlech vir eng Derogatioun zum Aarbechtsrecht, wat de Contrat à durée déterminée ugeet. Well de Contrat fir d'Intermittents du spectacle soll op dräi Joer kënnen ausgedehnt ginn, während am normalen Aarbechtsrecht dat jo net méiglech ass. Ech fannen dës Derogatioun äusserst bedenklech an ech verstinn haaptsächlech net firwat se noutwendeg ass, well jo just am Kinossecteur, am ganzen audiovisuelle Secteur d'Produktiounen kuerzlieweg sinn. Da gesinn ech net firwat ee méi eng laang Durée braucht fir déi Kontrakter.

Esou dass ech dat doten net agesinn, an ech menge just, wann een den audiovisuelle Secteur, de Secteur vum Kino wëllt promouvéieren, a wann ee wëllt Perspektiven opmaachen, dass d'Leit sollen doranner schaffe fir interessant Beruffer ze hunn, da mengen ech, dass mer awer och schëlleg sinn, dass déi Leit, déi an deem Secteur solle schaffe goen, sozial gutt ofgesécher sinn, an ech mengen, dass een déi Firmen, déi jo zum gréissten Deel vun öffentleche Gelder liewen an hir Filmer net kënnte maache wa se keng öffentlech Hëllefe géife kréien, misst obligéieren sech justement, précisément un d'Aarbechtsrecht ze halen, an net hir Leit schlecht ofzesécheren.

Den drëtten Aspekt vun de Retombéeë vun der Filmindustrie op d'Land ass dann dee kulturellen. Esou wéi et richteg ass, dass ee Musek, Literatur, Danz, Molerei, Theater, Skulpteuren an esou weider ënnerstëtzt, si mer och der Meenung, dass een am Beräich vun der Kinokreativitéit d'Artiste sollt ënnerstëtzen. Et muss méiglech sinn, dat war jo och den Zweck vum Filmfong, dass e Créateur, deen zu Lëtzebuerg lieft, och zu Lëtzebuerg ka Kino maachen, iwwer all Sujet selbstverständlech, mä awer och muss hie kënne Lëtzebuerg als Sujet vun engem Film huelen, wat net heescht, dass e muss e Lëtzebuerger Film maachen, well hei zu Lëtzebuerg gëtt menges Wëssens no méi wéi eng Sprooch geschwat, esou dass e Lëtzebuerger Film sech net doduerch charakteriséiert, dass en d'lëtzebuergesch Sprooch huet.

Wann ee Loscht huet iwwer Lëtzebuerg, iwwert dat Land, iwwer seng Bizarrerien, iwwer seng Kontradiktiounen, iwwer seng Freeden, seng schéi Säiten, seng traureg Säiten e Film ze maachen, misst dat zu Lëtzebuerg méiglech sinn, an dat, mengen ech, soll een och ënnerstëtzen. Dann däerfe mer och net erwaarden, dass all Film e Meeschterwierk gëtt. De Minister huet d'Chiffere genannt. Et ass eng Fauschtregel, dass vun zéng Filmer een e Succès gëtt. Dat ass zu Lëtzebuerg wahrscheinlech net anescht wéi am Ausland. Allerdéngs ass d'Ennerstëtzung vun der Kreatioun am Kino méi komplizéiert wéi an aneren artistesche Secteuren, well fir e Film ze maachen, vun där Zäit bis een d'Iddi huet, bis e gemaach ass, ass immens vill Zäit eriwwer. Et braucht ee vill Suen, vill Leit, eng gutt Equipe an d'Finanzéierung bleift also ëmmer e risege Problem vun där ganzer Industrie.

Neierdéngs ginn dann elo d'Koproduktiounen do als e Mëttel duergestallt, niewent den Aiden, fir déi Finanzéierung do méi einfach ze maachen. A ganz bestëmmt huet d'Koproduktioun Avantagen an och e gewëssenen Intérêt. D'Iddi vun der Koproduktioun gëtt jo och op europäeschem Niveau vun der Kommissioun a vun der Kommissärin ganz staark promouvéiert, och mat der Iddi fir den europäesche Film ze förderen, well wa Koproduzenten aus verschiddene Länner deeselwechte Film matfinanzéieren, da sinn d'Chancë méi grouss, dass e franséische Film herno och an Däitschland gewise gëtt, an ëmgedréint, en däitsche Film a Frankräich.

D'Koproduktioun ass also e gutt Instrument, wat mir ënnerstëtzen. Et däerf awer net esou sinn, dass ee muss emol fir d'éischt e finanzielle Genie am Ingenieuring sinn, fir kënnen eng Koproduktioun op d'Been ze setzen, an dass et méi wichteg ass, wéi ee finanziell jongléiert, wéi dass een an der Kreatioun gutt ass.

Well d'Koproduktiounen, dat wësse mer, bréngen jo awer och eng ganz Rei Problemer mat sech, vu dass e puer Partner sech mussen op e gemeinsame Projet eens ginn, wat jo vun all Säit Kompromësser verlaangt. Et ass zimlech kloer, dass deen, deen déi meeschte Sue mat an dat Dëppen do bréngt, och d'Décisioun am meeschten influenzéiert. An do geet et ëm d'Acteuren, déi matspillen, et geet ëm d'technesch Equipen, et geet ëm d'artistesch an d'finanziell Maîtrise vun engem Film.

D'Lëtzebuerger Koproduktiounsgesellschafte si meeschtens an deene Projete minoritär Koproduzenten. An der Moyenne, loossen ech mer soen, stellen d'Lëtzebuerger 15-20% duer, wat d'Finanzéierung ugeet, heiansdo méi, och alt manner. Dat heescht, si hunn am seltenste Fall d'Maîtrise artistique a financière vun engem Film. An ech mengen, et kann een och akzeptéieren, minoritäre Partner ze sinn, an enger Koproduktioun. Iwwer Joren entsteet jo eng Zesummenaarbecht, an heiansdo huet dann en Däitschen oder e Fransous e flotte Projet, da klëmmt ee mat eran als Lëtzebuerg, awer an der Hoffnung, dass dann och eng Kéier e Lëtzebuerger Projet vun engem Däitschen oder vun engem Franséische matfinanzéiert gëtt.

Dat kann och fir verschidde Gesellschaften interessant sinn, well an de Koproduktioune verdéngt ee jo och Suen. Dat erlaabt der Gesellschaft och finanziell ze iwwerliewen, bis se erëm en eegene Projet huet, mat deem se kann op de Maart goen.

Mä ech mengen d'Zil vun de Koproduktiounen ass et jo awer net

einfach, dass Lëtzebuerg just am Générique erschéngt. Et muss jo méi sinn, fir dass mer just als Partner dobäi sinn, an heiansdo gi mer souguer vergiess am Générique, loossen ech mer soen. Dat ass sécher net den Zweck dovunner. Et muss also méiglech sinn, dass och emol eng lëtzebuergesch Gesellschaft e majoritäre Koproduzent ass, fir dass en ebe just déi finanziell an artistesch Maîtrise am Film behält.

Mä d'Lëtzebuerger Gesellschafte verfügen awer oft net iwwert déi finanziell Moyenen au départ, déi hinnen et géifen erlaben als majoritäre Produzent anzeklammen, net wéi déi aner Länner, wéi jo da Produzenten aus grousse Länner, déi oft Recettë verkafen, déi Suen hunn, well se d'Rechter virun un d'Televisioun verkaaft hunn, oder déi vun den Distributeuren Avances sur recettes kréien, wat zu Lëtzebuerg wéinst deem klenge Maart jo ganz schwiereg ass.

Dofir eng Fro un de Minister, wat den Outil de financement ugeet. Ech weess, dass säit enger Zäit vun engem Projet geschwat gëtt, eng Iddi, déi lancéiert ginn ass vun der Banque européenne d'Investissement a vun der europäescher Kommissioun, «i2i», wann ech mech net ieren, an do war och eng Iddi ausgeschafft gi fir zu Lëtzebuerg eng Finanzéierungstruktur ze schafen, Luximages, mat dräi Partner, also d'Banque européenne d'Investissement, de Stat, also déi öffentlech Gelder, an da privat Partner, an déi Struktur géif am Fong de Lëtzebuerger Produzenten Avances sur recettes accordéieren, fir dass se méi grouss kënnen a Koproduktiounen eraklammen.

Dat kënnt et hinnen erméiglechen, dass se hir Rechter fir e Land, fir Frankräich zum Beispill, fir dat nëmmen ze nennen, well dat jo dat interessantst ass, net scho missen un e franséische Koproduzent ofzetrieden, ier de Film verkaaft ass. Selbstverständlech kann dat nëmme funktionéieren, wann déi Avances sur recettes erëm zréckfléien, esou dass am Fong e Fong géif geschaaft ginn, dee géif Sue virstrecken, fir dass Lëtzebuerger kënnte méi eng grouss Part an dat Dëppen do mat erabréngen.

Déi Initiativ géif och bedéngen, dass Lëtzebuerger Produzentgesellschaften sech missten zesummendinn a sech konzertéieren, well se zesummen sech mussen eens ginn iwwert déi Projeten, déi sollen do finanzéiert ginn. Dat wär jo eng gutt Saach. Och einfach nëmmen, wann d'Lëtzebuerger Gesellschafte géifen e bëssen zesummeréckelen a sech besser géifen ofschwätzen, well wa mer héieren, dass am Hierscht sechs Filmer zur gläicher Zäit hei zu Lëtzebuerg gedréint ginn, da fannen ech dat net just e Modell vu gudder Zesummenaarbecht a Kooperatioun, wann een deem aneren d'Techniker ewechhëlt, déi puer, déi mir souwisou nëmmen zu Lëtzebuerg hunn, déi dann e puer Méint do setzen an erëm näischt ze maachen hunn.

D'Iddi ass also, meng Fro un de Minister ass: Ech mengen, dass déi Initiativ do näischt gëtt wann net e voluntaristescht Wuert vum Stat do gesot gëtt, fir ze soen: Da kommt mir maachen dat elo zesummen. An eigentlech ass meng Fro un de Minister, wéi wäit et mat där Initiativ do ass, oder ob mer déi kënne vergiessen an an d'Geschicht vun der kuerzer Filmindustrie hei zu Lëtzebuerg leeën.

An da wéilt ech nach e leschte Punkt opwerfen, Här President, och wa mer prinzipiell d'Iddi vun der Koproduktioun ënnerstëtzen, da mengen ech, dass et och misst méiglech sinn e Film ze montéieren, ouni forcéiert ze sinn e Koproduzent onbedéngt derbäi ze hunn.

Et gi Filmer, déi esou typesch lëtzebuergesch sinn, dass a priori en auslännesche Koproduzent se ganz bizarre fënnt, an dass deen eigentlech net drun denkt fir mat eranzeklammen. Wat net heescht, dass de Film sech net eventuell herno awer och kënnt am Ausland verkafen. Och an deene grousse Länner ginn d'Filmer fir d'éischt national gekuckt, a wa se da Succès hunn, da kommen se an déi aner Länner. Mir probéiere jo direkt an d'Ausland ze goen. Mä ech mengen och, hei zu Lëtzebuerg misst et méiglech sinn en typesch Lëtzebuerger Film ouni Koproduzent missen ze produzéieren.

Ech mengen dat leschte Beispill vun engem typesch Lëtzebuerger Film, dat ass de «Club des chômeurs», Dir hutt e selwer genannt. 10% vun de Leit hei zu Lëtzebuerg hunn dee gesinn, déi eng fannen e flott, déi aner fannen en net flott, ekonomesch ass e sécher net rentabel, well eise Marché net kann déi Suen aspillen. Ech mengen et wär awer kulturell a gesellschaftlech interessant esou Filmer ze erméiglechen a se ze ënnerstëtzen, fir dass se eng Chance hunn op de Lëtzebuerger Maart ze kommen.

An ech hunn och an deem Sënn, Här President, eng Motioun, déi ech da wëll déposéieren.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant le soutien apporté par les autorités luxembourgeoises au développement d'une industrie cinématographique au Luxembourg;*

*- considérant le succès rencontré par certains films «made in Luxembourg», qui ont pour objet des «Luxemburgensia»;*

*- considérant que des coproducteurs potentiels d'autres pays de l'Union Européenne ne s'intéressent guère à des thèmes purement nationaux et ne se précipitent donc pas, a priori, pour participer au financement de tels films dans les langues en usage dans notre pays;*

*invite le Gouvernement*

*- à permettre, par des moyens appropriés et suffisants, le financement de projets de films sur des thèmes d'intérêt luxembourgeois sans obliger le producteur à s'associer à un partenaire - coproducteur d'un autre pays de l'Union Européenne.*

*(s.) Mady Delvaux-Stehres, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Georges Wohlfart.*

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Delvaux. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel. Madame Beissel, Dir hutt d'Wuert.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, am Virfeld vu menger Interventioun wëll ech och dem Här Halsdorf merci soe fir seng zwee excellent Rapporten, esou gutt mëndlech wéi schréftlech, zu deenen zwee Gesetzesprojeten. Et handelt sech jo hei engersäits ëm den Accord cinématographique tëschent Lëtzebuerg a Frankräich, anerersäits ëm den Accord de coproduction audiovisuelle mat Däitschland. Ech wéilt och vun dëser Plaz aus dem Här Minister Biltgen merci soe fir säi breet gefächerte Bilan iwwert d'Lëtzebuerger Filmindustrie, deen eis haut weist wou mer stinn a wou Problemer sinn a wat fir eng Perspektiven sech opdoen.

Här President, déi zwee Accorden hunn als Haaptobjektiv d'Koproduktioun am Filmberäich ze vereinfachen an deemno och ze stimuléieren. Eng Koproduktioun erlaabt et de Filmproduzenten, déi meeschtens vill Geld engagéieren, vun deene finanziellen Avantagen, déi op nationaler Basis unerkannt ginn, ze profitéieren a se och ze cumuléieren.

De Lëtzebuerger Filmproduktiounen erlaben dës Accorden ouni Zweifel eng Diffusioun iwwert déi national Grenzen eraus. Déi Lëtzebuerger Filmer bleiwen net an den nationale Kinoë confinéiert, wat se jo ekonomesch méi liewensfäeg mécht. Hinne maache sech weider Marchéen op, an net déi mannst. Dës Accorden, déi haut zur Debatt stinn, si mat eisen zwee gréisseren Noperen ausgeschafft ginn, Däitschland a Frankräich, déi sécher eng ënnerschiddlech awer wichteg Roll an der europäescher Filmlandschaft spillen. Béid Länner haten hir Glanzzäiten an der Filmgeschicht zu verschiddene Perioden, déi jo deelweis u Krich an u Regimen ugegliddert waren an och un hir national Traditiounen, hunn awer haut nach e bedeitende Stellewäert och an der internationaler Skala.

Déi zwee Projeten droen deemno zu enger Stimulatioun vun den audiovisuellen Aktivitéiten an der cinématrographescher Industrie hei zu Lëtzebuerg bäi.

Här President, ouni wëllen op den Historique vun der Lëtzebuerger Filmindustrie anzegoen, meng Virriedner hunn dat scho gemaach, kann een awer trotzdeem, am Kontext vum Minister Biltgen senger Bilansprésentatioun, e puer Aspekter vu senger Entwécklung nach eng Kéier beliichten.

Mam éischte Certificats-Gesetz vum 13. Dezember 1988 ass déi ganz Saach emol richteg un d'Rulle bruecht ginn, andeems auslännesch Produzenten an d'Land gelackelt goufen. Et dierf een awer net vergiessen, dass scho virdrun interessant Lëtzebuerger Produktiounen, zwar mat ganz bescheidene Mëttelen, entstane sinn. Eng professionell Filmindustrie gouf et virdrun nach net, konnt sech awer lues a lues duerch de Kontakt mat auslännesche Vollprofien entwéckelen.

Net ze vergiessen och eist Gesetz vum 11. Abrëll 1990, mat deem de Fonds national de soutien à la production audiovisuelle an d'Liewe geruff gouf. Dëse Fong ënnerläit esouwuel dem Ministère, deen den audiovisuelle Secteur a sengen Attributiounen huet, wéi och dem Kulturministère. Seng Haaptmissioun ass d'Promotioun vum audiovisuelle Produktiounssecteur.

Dës Politik huet sécherlech seng Friichte gedroen, wann ee bedenkt, dass sech déi national Filmszeen an deene leschte Jore staark professionaliséiert huet an ouni Zweifel eng gewëss international, an national natierlech, Notoriétéit krut. Esou existéieren, wéi mer et scho gehéiert hunn, mä ech mengen et mécht Spaass fir dat nach eng Kéier ze widderhuelen, eng ronn 40 Produktiounsgesellschaften, déi ongefeier 100 Leit beschäftegen, ëm déi 50 Sociétés de services spécialisés, 3 Distributiounsgesellschaften, méi wéi 400 Techniker a 37 Réalisateuren. Och si säit 1988 iwwer 250 audiovisuell Wierker entstanen. Dat léisst sech weisen. Woubäi ee muss bemierken, dass d'Zil sécherlech ni wor, aus Lëtzebuerg en neit Hollywood ze maachen. D'Zil war bestëmmt och net an dësem Secteur eng Nischepolitik ze bedreiwen, och wann an der Logik vun der Diversification économique esou konnt e weideren ekonomesche Créneau geschaaft ginn, e Créneau, deen och Producteur d'emploi fir Lëtzebuerger a fir Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen, geschaaft huet.

Allgemeng kann een d'Filmbranche an insgesamt den audiovisuelle Secteur net ënnert strengen a reng ekonomesche Kritären ënnert d'Lupp huelen. Och wa gewëss eng Produktioun wa méiglech soll rentabel sinn, a viabel, dat heescht liewensfäeg sinn, esou handelt et sech dach, an haaptsächlech a Lëtzebuerger, mä ech géing och mengen an europäescher Siicht, virun allem ëm en héichrangeg kulturellt a manner ëm e reng kommerziellt Produkt, wéi dat zum Beispill oft an den USA de Fall ass.

Här President, heiansdo héiert een dobaussen d'Kritik - an och Verschiddener vu menge Virriedner sinn dorop agaangen -, dass dem Lëtzebuerger Stat, duerch seng Steier- a Subventiounspolitik, zu Gonschte vun der Filmindustrie, en décke Batz Suen duerch d'Fangere géif rënnen. Dës Usiicht ass menger Meenung no awer ze relativiséieren. D'lescht Joer goufe fir 40,6 Milliounen Euro Certificats d'investissement audiovisuel (CIAV) erstallt. 30% vun dësem Montant sinn als «non-recette fiscale» ze betruechten, deemno 12,8 Milliounen Euro. Et kann een dervun ausgoen, dass op d'mannst 50% vun dëse bal 13 Milliounen Euro sech awer direkt an der Lëtzebuerger Wirtschaft erëmfannen, sief dat am Horesca-Secteur oder bei anere Commercen oder awer bei nationale Betriber, speziell am Secteur vum Artisanat, zum Beispill bei Schräiner, déi dauernd hëllefen déi Saachen opzeriichten, déi prioritär Opträg kréien.

Wat elo déi reng finanziell Hëllef fir Lëtzebuerger Produktioune betrëfft, esou louch déi d'lescht Joer bei ronn 3,7 Milliounen Euro. Eng staatlech Subventioun vun der nationaler Filmindustrie ass näischt Aussergewéinleches an Europa, bien au contraire. Ouni dës Subventioune kënnt ganz einfach den europäesche Kino der amerikanescher Konkurrenz iwwerhaapt net standhalen. Doniewent ginn eng ganz Partie vun europäesche Filmer vu gréisseren Televisiounschaînë matfinanzéiert, wat jo leider hei zu Lëtzebuerg net de Fall ass.

Op europäeschem Plang spillt och den EU-Programm MEDIA eng wichteg Roll. Heimat geet et en amont, bei der Formatioun, an en aval um Niveau vun der Distributioun an der Diffusioun vun europäesche Wierker. Finanziell gëtt do intervenéiert am Sënn vun enger gestäerktener Compétitivitéit. Dës Efforte kënnen awer nëmme produktiv sinn, wann zousätzlech op nationaler Basis finanziell Hëllefe virgesinn a gi sinn.

Här President, d'Politik, déi mat de Certificats-Gesetzer an duerch de Fonds national de soutien à la production audiovisuelle instauréiert gouf, huet vill Positives bewierkt, net nëmme fir déi national Filmbranche, mä doriwwer eraus fir d'Kultur an d'Image de marque vun eisem Land. Dëse System soll, menger Meenung no, nach virun applizéiert ginn. Meng Suerg ass awer, an dat ass och virdru schonn ugeklongen, dass de System soll beschtméiglech dobaussen international bekannt ginn, dass esou vill wéi méiglech Leit aus der Filmbranche wëssen, wat zu Lëtzebuerg an deem Secteur besteet.

D'Regierung soll och virufueren, esou wäit wéi dat méiglech ass, bilateral Koproduktiounsaccorde mat anere Länner ze négociéieren. Mir hu gehéiert am Rapport, dass Négociatiounen amgaange si mat Éisträich an Irland. Ech fannen dat eng gutt Saach an hoffen, dass nach aner potenziell Partner sech op deem Gebitt fannen. Esou kënnt onse Lëtzebuerger Filmsecteur virun a mécht sech lues a lues méi sécher, och méi staark an doduerch méi attraktiv, och dat lues a lues op der ekonomescher Säit.

Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren a bréngen heimat den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- Merci, Madame Beissel, den nächste Riedner ass den Här Greisen. Här Greisen, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Greisen *(ADR)*.- Merci Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt all deenen, déi un deenen zwee Projete matgeschafft hunn, merci fir Är Aarbecht.

De Rapporteur huet a sengen zwee Berichter déi Ofkommen erkläert, a grad esou wéi meng Virgänger hei op der Tribün d'Entwécklung am Secteur duergestallt. A menger Interventioun kann ech mech dofir kuerz faassen a just e puer lwwerleeunge virdroen, déi fir den ADR doriwwer eraus wichteg sinn.

No deene bilateralen Ofkomme mat Kanada a Quebec sinn déi heiten Ofkomme fir Koproduktiounen eréischt Nummer dräi a véier, déi zu Lëtzebuerg an d'nationaalt Recht ëmgesat ginn. Och wann eist Land am europäesche Verglach nach an de Kannerschong stécht, esou muss een awer feststellen, dass déi einheimesch Filmindustrie an deene leschte Joren en Opschwonk erlieft huet. Leider ass awer och festzestellen, dass, vun eenzelnen Ausnahmen ofgesinn, bal keng Filmer a Lëtzebuerger Sprooch gemaach ginn oder iwwer Lëtzebuerger Themen. Dofir huet de Stat ganz einfach net Sue genuch.

Erfreelecherweis hu sech lëtzebuergesch Produktiounen, haaptsächlech a franséischer Sprooch, an Europa awer mëttlerweil en Numm gemaach. Dat ass ze begréissen an dofir kann een dës Auteuren nëmme félicitéieren. Dofir musse mer awer déi bilateral Zesummenaarbecht och no dësen Ofkomme mat Frankräich an Däitschland nach weider a souguer méi ënnerstëtzen, an dat net nëmme fir déi lëtzebuergesch Produktiounen, mä allgemeng wéinst dem europäesche Film insgesamt.

Déi zoustänneg Kommissärin an der Europäescher Kommissioun huet drop higewisen, dass och wann déi amerikanesch Produktiounen dominéiere géifen, dës den europäesche Film vum kulturelle Gesiichtspunkt aus net ersetze kéinten. Deem kann een nëmme bäistëmmen. Leider ass et awer esou, dass wéinst där kultureller a sproochlecher Diversitéit, déi wuel e grousse Virdeel an Europa duerstellt, d'europäesch Produktiounen et schwéier hunn an deenen aneren europäesche Länner e breede Publikum ze fannen. Niewent de sproochleche Barrièren ass et awer och eng Fro vum Budget.

Well also déi europäesch Produktiounen sech meeschtens net duerchgesat kréien, mussen nach weider Efforten an dës Richtung ënnerholl ginn. D'USA hunn och kee Grond, fir esou eng europäesch Politik ze kritiséieren, well si besetze jo elo scho 75% vum europäesche Maart, an dat well de Maart fräi ass. Op där anerer Säit ass et awer esou, dass europäesch Produktiounen nëmmen en Undeel vun 3,6% um amerikaneschen Maart hunn, well do, am Géigesaz zu der EU, kommerziell Moossname bestinn, déi de facto eng Grenz fir europäesch Filmer duerstellen.

Dass mir et hei mat engem reelle Problem ze dinn hunn, deen nach laang net aus der Welt geschaaft ass, beweist eng Resolutioun vun der Regionalversammlung Europa aus der Assemblée parlementaire de la Francophonie. Dës Resolutioun vum 20. November 2002 weist, dass mer an der grousser Aufgab, déi europäesch Filmproduktioun vis-à-vis vun den Amerikaner ze stäerken, anscheinend nach net ganz wäit komm sinn. Dëst gëtt engem ze denken, wann ee weess, dass mer zënter zéng bis 15 Joer schonn iwwert dës Problematik schwätzen, anscheinend leider ouni konkret Resultater.

Dir Dammen an Dir Hären, den ADR huet op dëser Tribün den 22. Mäerz 2001 an der Debatt iwwert d'elektronesch Medien op dëse ganz delikate Punkt opmierksam gemaach an et ausdrécklech begréisst, dass déi sou genannten Exception culturelle duerchgesat gëtt. Ech wëll an deem Zesummenhang un eng Motioun erënneren, déi mir als ADR, den 22. Mäerz hei an der Chamber virbruecht hunn. Dora gouf d'Regierung opgefuer-

dert, dem Drock vun Amerika net nozeginn an de Maart net méi grouss fir amerikanesch Produktiounen opzemaachen.

Den ADR huet an därselwechter Motioun d'Regierung opgefuerdert sech dofir anzesetzen, dass europäesch Produktioune méi op d'Televisioun komme wéi bis elo, a weider Ustrengungen ze ënnerhuele fir europäesch Produktiounen ze förderen a souguer ze verduebelen.

De Minister war deemools mat der Zilsetzung vun dëser Motioun absolut d'accord, huet sech och averstanen erkläert mat der Fuerderung, dass mer méi europäesch Programmer maache missten.

Dir Dammen an Dir Hären, dës zwee Gesetzer stinn also am selwechte Kontext, an dofir erënneren ech hei nach eng Kéier un dës Motioun an hoffen, dass sech déi zoustänneg Mediekommissioun nach eng Kéier mat där Problematik beschäftegt, well se virdru méi oder wéineger roueg ënnergaangen ass.

Den ADR stëmmt dëse Projet a mécht en Appel, déi lafend Verhandlungen esou séier wéi méiglech ofzeschléissen an nei Verhandlunge mat aneren europäesche Länner an Ugréff ze huelen, fir esou d'Positioun vum europäesche Film ze stäerken.

Zum Bilan vun eiser Filmindustrie zum Schluss nach zwou méi negativ Säiten aus dëser Branche, déi et gëllt ze verbesseren. An de Berichter vum Minister a vun der Kommissioun steet, an dat ass och hei gesot ginn, dass de Secteur vill Profit mat sech géif bréngen, dëst besonnesch fir kleng a mëttel Betriber aus dem Bauhandwierk. Ech huelen un, domat ass haaptsächlech de Bau vu Kulisse gemengt, d'Ariichten an d'Ofspäre vu Gebitter, Gebailechkeeten a Stroossen.

Dir Dammen an Dir Hären, do gëllt et awer op de Buedem vun der Realitéit zréckzekommen, an dat weisen ech hei an zwee Beispiller op.

Deen éischte Problem: Wat de Bau vu Kulissen ubelaangt, wat jo näischt aneschters ass wéi e Chantier, dee bei eis ënnert d'Bestëmmunge vum Gesetz „chantier temporaire et mobile" vun 1996 fält, do géif ech mir wënschen, dass eis einheimesch Firmen déiselwecht Virdeeler, respektiv Facilitéite beim Kulissebau kréische wéi déi auslännesch, déi oft keng Autorisatioun hunn, keng Kommodosprozeduren a keen Aarbechtsrecht anzehale brauchen. Hei misst och, an dat europawäit, versicht ginn, deen onmënschleche System vu schäinselbstännege Mataarbechter a Cascadë vun Ënnerfirmen, Leihfirmen, an esou weider, ofzeschafen.

Och d'Ausso, dass d'Hotelbranche hei esou déck profitéiert, kann ech net deelen. D'Realitéit ass déi, dass 99% vum technesche Personal, inklusiv d'Statisten, an onwierdege Container wunnen, a vläicht een oder deen anere Star an engem Luxuswunnmobil.

Am Zesummenhang mam Ofspäre vu ganze Géigenden an Autobunnen, froen ech mech, ob de Profit, deen de Ministère gesäit, duer geet fir de Betriber den Ausfall ze bezuelen, wa grad an de Spëtzestonnen d'Zoufahrt zu de Betriber gespaart ass. Beispill Collectrice du Sud, nach net laang hier. Do stinn da Mataarbechter am Stau a kommen ze spéit op d'Aarbecht, Lieferanten a Cliente mussen eng aner Kéier erëmkommen oder grouss Ëmweeër maachen. Alles dat geet op Käschte vun de Betriber, de Stat hëlleft deenen net. De Bilan ass also net esou positiv. Ech froe mech, wou déi Statistiken hierkommen.

Zum Schluss nach eng Kéier de Jo vum ADR zu dësem Projet. Merci.

M. le Président.- Här Greisen, merci. Als leschten ageschriwwene Riedner huet den Här Garcia d'Wuert.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Merci Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng stëmmen dës zwee technesch Gesetzer, déi och an der Kommissioun schonn net zu wahnsinnegen Diskussiounen an Debatten Ulass ginn hunn. Eise Programm heibannen, „accords croisés", wär wahrscheinlech vill méi kuerz ginn, wann net de Minister nach e massive Werbeblock fir sech selwer ageschoben hätt, deen erëm eng Kéier beweist, dass wann ee Werbung aschiebt, een net onbedingt d'Aschaltquote muss niddreg halen.

Et ass natierlech kloer, dass de Bilan vun dem Minister vun der Industrie cinématographique eesäiteg an eendeiteg positiv ass. Ech denken, an déi meescht Riedner a Riednerinne virdrun hunn dat och gewisen, dass dee positive Bilan a groussen Zich och gedeelt gëtt vun deenen anere Parteien a Fraktiounen, och wa sécher net alles eng golde Palm ass, wat hei an dem flackernde Käerzeliicht vun eisem Soapstudio an der Chamber glamourt.

Ech wëll dofir eng hallef Dose vläicht Themen uschneiden, allerdéngs nëmme ganz kuerz, fir e puer Froen opzewerfen. Déi éischt Fro ass schonn hei e puermol opgedëscht ginn, nämlech déi vun der Relatioun tëschent dem Input an dem Output vun där neier Industrie.

De Minister mécht en impressionante Bilan. 40 Produktiounsgesellschaften, dräi Studioen, véier Produktiounsgesellschaften am Beräich Animatioun mat dräi Studioen, 50 Zouliwwerfirmaen, dräi Distributiounsboîten an esou weider an esou fort. Dat ass schéin a gutt, mä et wär vläicht och net onninteressant e bësse méi eng prezis Input-Output-Rechnung ze maachen, och wann dat schwiereg ass. Mä an der Vergaangenheet si mer e bësse geschiedegt ginn.

Ech erënnere mech, an engem anere Secteur sinn heiansdo grouss Firmae mat bis zu zwou Milliarden anciens francs subventionéiert ginn a si hunn 30 Aarbechtsplaze geschaaft an et ass ni ausgerechent ginn, wat déi Subventiounen oder Steiererliichterungen eigentlech bruecht hunn. Ëmmerhin sinn an dësem Beräich d'Retombéeën um Aarbechtsmaart scho méi héich wéi zum Beispill bei enger Firma wéi Kronospan, déi ebe bal zwou Milliarden ancien francs krut.

Wann een awer, wéi am Bericht vum Minister steet, als Rétombées économiques Benefisser vun Horeca, vu Reesbüroen a vu Grandesurfacen nennt, dann ass dat e bëssen dürfteg, well déi Retombéeë fale souwisou bei all deenen aneren Aktivitéiten och un. A wa sech géif herno bei engem méi detailléierte Bilan erausstellen, dass all Pizza, déi op e Plateau an der Paus vun engem Tournage gecalled gëtt, wann déi géif mat 100 Euro subventionéiert ginn, da wär dee Bilan sécherlech net esou positiv. Mä ech ginn dovunner aus, dass dat net esou ass.

Mä trotzdeem wär et net schlecht wann ee géif eng Kéier e bësse méi eng approfondéiert Etüd maache wat eigentlech vun öffentlecher Säit an déi Industrie gestach ginn ass a wat eigentlech konkret dobäi erauskomm ass.

Den zweeten Aspekt ass dee vun de Succèsen a vun den Échecen. De Minister huet a senger Lëscht natierlech haaptsächlech d'Success stories opgezielt, an et ass awer och logesch, a jiddfereen huet sech dat och erwaart, dass et och e puer Flopen an och e puer manner Success stories an deem Beräich gëtt.

«Pas tous les petits films sont bons», war en Interview mam Direkter vum Filmfong am Land vum Dezember 1999 iwwerschriwwen, a säit dem «Tod in Venedig», vun der Produktioun Secret Passage kann een och vläicht soen: «Pas tous les grands films sont bons.»

An dofir wär et vläicht awer interessant ze héieren, iwwert dee wahnsinnege Projet, deen d'Massen zu Pilgerfahrten op d'Terres Rouges mobiliséiert huet, fir do e puer Detailer gewuer ze ginn, déi vläicht da manner agréabel si wéi déi Success stories.

Wéi vill Sue sinn an deem Projet hänke bliwwen, dee jo anscheinend kee Keefer fënnt, well et e schrecklech langweilege Film ass? Wéi vill öffentlech Gelder sinn do eragefloss? Gëtt dee Site nach spéider genotzt? Ginn do herno déi onsäglech Donna Leon-Serië gedréint oder ginn do herno Pizzabäckeren agestallt, déi dann do fir Animatioun solle suergen?

Dat stellt och déi kruzial Fro, ob vun der Distributioun vun deene Filmer, déi zu Lëtzebuerg gedréint si ginn oder wou Lëtzebuerg seng Fangere mat am Spill huet, an et ass oft hei och monéiert ginn, dass heiansdo eng Visibilitéit an der Presentatioun vun deene Filmer vu Lëtzebuerg als mat, wéi soll ech soen, verantwortlecht oder kompetent Land feelt. An et gi Schwieregkeete sécherlech fir am Ausland Distributeuren an Téleeën ze fanne fir déi Filmer ënnerzebréngen.

Et ass zwar scho gesot ginn, dass de Filmfong zwar op Festivale mat engem Stand present ass, mä et geet net duer, dass do d'Leit d'Leit mat engem Crémant am Grapp erwaarde bis e Keefer kënnt. Ech mengen, dass déi Aarbecht, déi do muss gemaach ginn, wahrscheinlech méi eng gedëlleg Aarbecht ass, méi eng konsequent Lobbyaarbecht. Et misst ee sech vläicht iwwerleeën, ob een entweder zesumme mat engem anere Land wéi der Belsch oder selwer en eegene Büro opmécht, deen da méi eng kontinuierlech Aarbecht vu Promotioun a Marketing mécht.

En drëtte Punkt, deen ech wollt opwerfen, ass den Impakt op den Aarbechtsmaart an d'Aarbechtskonditiounen an deem Secteur. Den Impakt op den Aarbechtsmaart vun deem neie Secteur schéngt jo net ganz onbedeitend ze sinn: 100 Persoune an de Produktiounsfirmaen, 80 Techniker an Technikerinnen an dem Animatiounsberäich, 450 Techniker an Technikerinnen insgesamt. Dovunner 380 Résidenten an 250 richteg Lëtzebuerger.

Par rapport kann een dat natierlech och relativéieren, ech wëll drun erënneren, dass an deene leschte Joren zu Lëtzebuerg zwëschent 12.000 a 16.000 nei Aarbechtsplazen netto geschafe si ginn, dann ass dat vläicht manner impressionant, quantitativ. Allerdéngs sinn déi Aarbechtsplaze qualitativ interessant, bewegen se sech dann trotzdeem an engem Secteur, deen éischtens innovativ ass, nei ass an deen och ganz kreativ ass. Ech erënneren drun, dass mer zu Lëtzebuerg wierklech an dem Beräich vun de kulturellen a vun de kreativen Aarbechtsplazen nach vill Nohuelbedarf hunn. Ech erënneren drun, dass an dem Bilan vun dem Gesetz iwwert d'Artistes indépendants an d'Intermittents du spectacle steet, dass et zu Lëtzebuerg genau 36 unerkannten Artistes indépendants gëtt an 23 Intermittents du spectacle, wat jo och net schrecklech impressionant ass bei enger Gesamtzuel vun Aarbechtsplazen vun iwwer 200.000.

De Beräich vum private Cinéma a vum Audiovisuel ass par définition en dereguléierte Beräich mat vill Freelance, mat vill Contrats à durée déterminée an och mat ganz ville Méiglechkeete fir Abüen ze maachen, déi och schonn den Här Greisen hei ugedeit huet. Ech denken, dass dem Här Biltgen als Aarbechtsminister oft d'Schudderen eroflafen an hie wahrscheinlech och muss erkennen, dass et keng optimal strukturéiert reguléiert Léisunge fir dee Secteur ka ginn.

En amendéiert Gesetz zu den Intermittents du spectacle bréngt zumindest an deem Beräich e puer Verbesserungen, och wann d'Associatioun vun de Betraffenen, déi heescht ATAC, allerdéngs nëmme mat engem «t», nach vill un deem Gesetz ze rouspétéieren huet.

Wat de Statut vum Artiste indépendant ugeet, do wäerte mer jo och nach am Hierscht drop ze schwätze kommen. Do wäert et trotzdeem och mat deem amendéierte Gesetz relativ onattraktiv bleiwe fir als Individuum sech ënnert deem Statut hei unerkennen ze loossen, well ënner anerem och déi Period vu Stage vun dräi Joer nach ëmmer bäibehale gëtt.

Véierte Beräich, wou ech wollt kuerz e puer Remarke maachen, dee mer awer och schonn hei bei der Debatt iwwert d'neit Mediegesetz, wat jo ëmmer nach um Instanzewee ass, schonn opgeworf hunn a wat och den Här Mosar hei nach eng Kéier zitéiert huet, ass den nationalen Televisiounsberäich. Mir haten deemools bei den Debatten och an der Kommissioun gesot, et wär vläicht interessant wann een déi Förderpolitik, déi am Beräich vun dem Kino ass, och kéint op Televisiounsproduktioune mat engem kulturellen Inhalt ausdehnen.

Do wär natierlech RTL e privilégiéierte Partner gewiescht, mä och net deen eenzegen. Et ass jo drëm gaange fir déi zousätzlech Televisiounskanäl net nëmme mat Blödsinn ze fëllen, mä och mat soziokulturelle Programmer. Deemools war och d'Iddi esouguer selwer, mengen ech, aus de Reie vun der Regierung komm, fir amplaz Emissiounen ze subventionéieren, wat mer jo elo indirekt mat RTL maachen, Produktiounen ze ënnerstëtzen, wat da méi direkt Retombéeën op de visuelle Standuert zu Lëtzebuerg hätt, also net nëmmen op d'Cinéma-Produktioun, mä och op d'Televisiounsproduktiounen. Do kéint een zum Beispill virgesinn entweder e jährleche Budget fir Programmer vum Service public no gewësse Kritären: Identitéit, Integratioun, Educatioun a Kultur, oder iwwert e Fong, dee kann en anere sinn oder deeselwechte sinn, fir do op der Basis vun agereechtene Projete Suen ze verdeelen.

Dat kéint natierlech de Standuert Lëtzebuerg beräicheren. Mä ech erënnere mech drun, wéi nach de «Kuck Elei» Sonndes nomëttes gelaf ass, do si jo heiansdo esou méi Heimatfilmdocumentairë gelaf, déi ee vläicht deemools belächelt huet, mä et muss een awer am Réckbléck kucken, dass do awer ganz vill Mémoire collective filmesch festgehal ginn ass, déi haut e bëssen an där méi accéléréierter Versioun vun deene Reportagen um Fernseh verluer gaangen ass, an et misst een eigentlech all Effort ënnerstëtzen, an dofir mengen ech kann een och déi Motioun vun der sozialistescher Fraktioun ënnerstëtzen, fir an deem spezifesch lëtzebuergeschen oder regionale Kontext d'Opschaffung vu Geschicht a vu Realitéit ze förderen.

Ech hu mer soe gelooss, datt anscheinend am nächste Statsbudget eng Millioun Euro virgesi wär, fir op RTL eng Stonn pro Woch Lëtzebuerger Produktiounen ze weisen, wou allerdéngs eben och lokal Produzenten Opträg kréichen, wat dann also keng Politik vu plompem Subventionnement wär, mä just eng Rémunératioun vum Service public. Allerdéngs si mir nach ëmmer der Meenung, dass ee muss kloer Kritäre fir d'Attributioun vun esou Finanzementer opstellen.

Et ass natierlech kloer, an ech maachen do eng kleng Klamer, dass Politiker a Politikerinne par définition déi Medien ënnerstëtzen, déi hinnen am beschten an de Krom passen, an dofir ass et och kloer, dass bei dëser Koalitioun, an och ähnlech an där Koalitioun virdrun, éischter déi grouss Medien ënnerstëtzt gi sinn, déi d'Diffusioun assuréieren, während déi kleng Medien, déi oft d'Kommunikatioun zwëschent de Leit assuréieren, éischter négligéiert ginn.

Ech nennen e puer Beispiller. Am Beräich vun der geschriwwener Press gi mëttlerweil 80% vun der Aide à la presse un zwee Verlagshaiser. Am Beräich vun de Radioë gesäit et esou aus, wéi wann dat neit Mediegesetz eng Oplockerung vun den Antimonopolbestëmmunge fir déi grouss Radioë géif mat sech bréngen, an dass et gläichzäiteg en Ausdréchne vun den associativen a multikulturellen Initiative géif ginn. An als lescht Beispill ginn och kaum Efforte gemaach fir eng kohärent Mediepedagogik an de Schoulen ze maachen. D'Schüler an d'Jugendlecher kéinte jo emol zu kritesche Bierger a Biergerinnen erzu ginn, an dat passt autoritär motivéierte Politiker natierlech net an de Krom an da mécht ee léiwer Förderung vu Fun duerch eng grousszügeg gefördert Unterhaltungsindustrie.

Siwenten a leschte Punkt, dat féiert mech dann zu de Qualifikatiounen, déi awer net nëmmen eng professionell Qualifikatioun soll sinn, mä och eng citoyenne Qualifikatioun vun Accès zu de Medien. Dat war schonn ëmmer eist Haaptuleies an ech hu bestëmmt hei an de leschten zéng Joer zwielefmol dem Brecht seng Formel vun den Distributiounsmëttelen, déi ee soll a Kommunikatiounsmëttele verwandelen, hei benotzt. Et mussen awer och nieft där grousser Professionaliséierung an alle Beräicher vun de Medien Nische ginn, fir dass d'Bierger a Biergerinnen och kënne medieméisseg täteg sinn an net nëmmen an enger Stellvertreterdemokratie kënnen Zuschauer an Zuschauerinne sinn.

Dofir fannen ech et heiansdo e bëssen, wéi soll ech soen, houleux, wann een elo Medien ënnerstëtzt, déi convivial Medien, an als Lobbyist bezeechent gëtt, well déi Politiker, déi sech fir d'Interesse vun de grousse Medien asetzen, wëlle sech jo och net als Lobbyist bezeechne loossen, mä éischter als Champion vun der audiovisueller Industrie zu Lëtzebuerg.

Dofir fuerdere mir nach eng Kéier d'Regierung op, fir endlech e kohärent Konzept vu Mediepedagogik an der Schoul, awer och an der Jugendaarbecht auszeschaffen. Et gi jo schonn eenzel Initiativen, wéi den Uelzechtkanal, wéi d'Graffiti-Sendungen um Radio ARA, oder déi Schoul-Radioen zu Dikrech, Woltz an op anere Plazen.

Rezenterweis huet sech jo eng Associatioun vu Leit um Terrain constituéiert, ech mengen déi heescht AEACA an et gesäit een also do um Terrain, dass do eppes bougéiert, an ech géif d'Regierung opfuerdere fir vläicht e Wäissbuch iwwer Mediepedagogik op allen Niveauen innerhalb an ausserhalb vun der Schoul ufäerdegen ze loossen, dass d'Medien engersäits present a méiglechst ville Fächer sinn, an dass et awer och vläicht spezialiséiert Filièrë ginn am Beräich vun de Medieberuffer, an dat net nëmmen am Cycle supérieur vun dem IST, mä och am Cycle supérieur vum ES, also vum Enseignement secondaire.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Ech wollt eigentlech elo heimadder ophalen, kommen awer net derlaanscht fir eng kleng Schlussremarque ze maachen, well den Här Mosar och nach hei e bësse vun E-Commerce a vun Amazon geschwat huet. Déi ganz Mediekonzentratiounen oder Medienëmverdeelungen hunn natierlech och hir Schietsäiten.

Mir begréissen alleguerten hei, dass eng Firma wéi Amazon hei op Lëtzebuerg kënnt aus fiskalesche Grënn, si bréngen net vill Aarbechtsplazen heihinner. Déi hunn eng Dumping-Politik gemaach

während sechs bis aacht Joer. An den USA wäerten se ongefeier 10.000 bis 50.000 Librairien a Mediefirmaë futti gemaach hunn, mat 100.000 Aarbechtsplazen. Si hu Verlagshaiser ënner Drock gesat mat Fuerderunge fir aner Margen ze kréien. Amplaz 30% 50%. Si hu Verlagshaiser dozou bruecht verschidden Titelen net méi ze publizéieren, well se sech eben net iwwert deen dote Medium verkafen, hunn also en direkten Impakt och op d'Angebot vu Bicher, vu Videoen a vun anere Medien.

A schlussendlech hu se an hire Betriber, wou jo schonn duerch si vill manner Aarbechtsplaze geschaaft gi sinn, haaptsächlech Aarbechtsplazen ofgebaut ginn, Aarbechtskonditiounen, déi ee bei McDonald's a bei anere Firmaen erëmfënnt. Dofir wollt ech dat just als kleng Remarque soen, vu dass net alles, wat an de flackernde Lüsteren hei glänzt, eng golde Palm huet.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Minister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen dann nach e klengen Ofspann hei zu deem Film, andeem ech e bësselchen aginn op déi eenzel Saachen, déi gesot goufen, woubäi ech awer wëll virun allem d'Geleeënheet benotze fir allen Intervenantë merci ze soe fir déi ganz konstruktiv a kritesch Bäiluechten. Ech mengen, dass dat just dat ass wat ech einfach wollt, dass mer eng Kéier derduerch ginn a soe wat gutt ass, och Suggestioune ginn iwwer Saachen, déi ee kéint aneschters maachen oder wou ee kéint higoen. Ech wäert versichen, ouni eppes wëllen ze vergiessen, mä trotzdeem kuerz ze bleiwen, op déi eenzel Saachen anzegoen.

Eng Fro, déi ëmmer erëm kënnt, dat ass déi vun de Suen. Méi Suen, manner Suen, alles bezuelen, näischt bezuelen. Ech wëll dee Komplex emol fir sech huelen. Woubäi ech nach eng Kéier wëll drop hiweisen, dass mer zwee verschidden Instrumenter hunn. D'Madame Beissel hat dat iwwregens ganz gutt selwer gesot.

Ech soen et nach eng Kéier: Certificats audiovisuels. Dat si keng direkt Hëllefe vum Stat, dat ass eng Steierrecette op déi de Stat verzicht, dat sinn 30% non-value. Et kann een op där enger oder op där anerer Säit Tableauen opmaachen. Déi eng soen: Also alles kréie mer eran. Déi aner soen: Et kënnt guer näischt eran. Dat ass müsseg. Et muss ee sech fir mech just d'Fro stellen, wa mer net op déi Steierrecettë géife verzichten, géife mer awer déi Recettë kréien? Well da géife jo déi Suen iwwerhaapt net op Lëtzebuerg kommen, esou dass een dat emol och muss vu virera soen. All de Rescht, ginn ech gären zou, et kann een ëmmer soe wéi vill Leit sinn an Hotelen, wéi vill Leit sinn hei an do, ech wëll mech dofir net op déi Diskussioun aloossen. Mä fir mech ass et wichteg hei ze soen, dass een déi Suen net och zu Lëtzebuerg hätt, wa mer kee Steierregime hätten.

Dat wat eng direkt Ausgab ass vum Stat, dat ass déi direkt Hëllef. Dat si Steierzuelersuen, déi direkt an eng Produktioun ginn. Dat ass awer de klengsten Deel. Dat meescht geschitt iwwert d'Certificats audiovisuels an dee mannsten Deel geschitt iwwert d'Direktbäihëllefen. Dat emol gesot.

Da stellt sech nämlech d'Fro, déi och den Här Mosar opgeworf hat, mat dem Plaffong bei de Certificats audiovisuels. Mir si just der Meenung, et soll een domadder virsiichteg ëmgoen. An ech kommen dann direkt op dat Beispill zréck, Här Mosar, wat Der richteg hei duergeluecht hutt, dat vu Venedeg. Wa mer nämlech de Plaffong ganz grouss opmaachen, da riskéiere mer, dass mer riseg Produktioune kréien, déi da ganz vill hei accaparéieren, ouni dass awer do déi néideg Retombéeën do fir Lëtzebuerg kommen. Dat ass eppes, woufir mer skeptesch sinn, a mir maachen och éischter dégressiv Hëllefen no uewen. Mir sinn net der Meenung, hei solle grouss Superproduktiounen iwwert d'Certificats audiovisuels kommen.

Dir hutt geschwat vun de Kontrollmechanismen. De Problem ass, Dir sot et och, de Fong ass net Produzent, de Fong kuckt de Scénario, mä de Produzent ass een, dee vu bausse kënnt an deen eng gewëss Seriositéit muss hunn. Hei war zum Beispill am Venedegfilm, dat war d'Firma Delux, dat ass eng Duechtergesellschaft vun RTL an dat ass eng Firma, déi scho schrecklech vill zu Lëtzebuerg gemaach huet, och Filmer, déi scho Präisser kritt hunn oder op d'mannst a Selektioune komm sinn, esou dass een dat huet missen hinhuelen wat do ass. Dat huet engem gutt geschéngt.

Elo ass natierlech déi Fro komm, bei der Verlängerung, wou oo eemol gesot ginn ass: Mir hunn iwwerzunn. Fong, méchs du och nach mat? Do stellt sech dann déi nächste Kéier bei engem ähnleche Fall d'Fro, ob mer dann net soen: Neen, Dir kritt no dem initiale Plang a wann Dir Iech vercalculéiert hutt, dann ass dat eriwwer.

Zu dem Venedegfilm wëll ech awer nach Folgendes soen, well een e puer aner Saache muss mat dobäi huelen. Éischtens sinn eng ganz Partie Saachen do schief gelaf an d'Firma selwer ass intern gëaudit ginn an do ass och villes geschitt, well och, ech mengen, d'Mammenhaus RTL sech net wëllt soe loossen, dass do net ëmmer alles riicht leeft, mä dat kënnt awer heiansdo vir, dat soll een och dofir net dramatiséieren.

Ech wëll awer nach eng Kéier soen: Deen, deen hei Sue verluer huet, dat ass RTL, well déi hu 70% vun deem Ganze gedroen a bei eis ass et d'Moins-value de recettes, mä bei hinne waren et wierklech Ausgaben, déi à ce stade net ganz an de Sand gestach goufen, well et sinn aner Saachen, wat ee muss bei deem ganzen Dénge positiv kucken, nämlech fir eisen Image de marque huet dat ganz vill bruecht. Déi Kulissen, déi do zu Esch waren, hunn eis en Image de marque bruecht, well mer dat och konnte verkafen als Kompetenz, als Know-how.

Da war ech als Aarbechtsminister extrem frou, well ech en Deal fonnt hat mat deene Leit. Virdrun ass gesot ginn, ech weess net méi wien et gesot huet, déi bréngen hir Techniker all mat. Dat ass richteg, an déi wollten och esou vill Permis de travail vun Techniker vun eis, a mir hunn dat du gekuckt, d'Administration de l'Emploi huet mat Delux dat gekuckt a gesot, wat fir eng sinn et, déi Der wierklech hei net fannt, a fir de Rescht huelt Der se hei. Esou dass och hei Leit geholl gi sinn an et goufen eng ganz Partie vun Demandeurs d'emploi, déi haten do praktesch eng Mise au travail, wann ech dat emol esou kann nennen, mä déi hu mer do erageschleist an déi hunn och do eppes geléiert, esou dass dat och eng positiv Retombée war, well ech mengen, dass een och eng Partie Leit kéint dohinner kréien.

Mir hunn oft jonk Leit, déi keen Diplom wëlle maachen, awer zwou rietser Hänn hunn, a just an deem dote Secteur brauch een der net mat décken Diplomer, well e Schräiner wëllt alles aus Holz maachen, an dee muss awer heiansdo Holz aus Steng maachen, oder e Steen aus Holz maachen. Et fënnt ee bestëmmt Leit mat zwou rietser Hänn, déi ee kënnt an deem Secteur asetzen.

An dann ass et esou, dass op deem Site, esou laang en nach ka bestoen, an dat huet eppes mat Sécherheet op der Aarbechtsplaz ze dinn, eng ganz Partie vu Produktiounen nach do gemaach ginn. Eleng am Juli/August gëtt während véier Wochen do gedréint. Am September gëtt während véier Woche gedréint. Am Oktober/November fënnef Wochen. Nach bis de Mee 2004 gëtt eng ganz Partie vu Produktiounen do gemaach. Dat geet vum Klengem zum Groussen. Dat geet iwwer Publicitéitsspoten, Filmer. Et geschitt do eppes.

Dat gesot, war dat e Film iwwert dee vill geschwat gouf, a well virdru vill driwwer geschwat gouf, gëtt och elo vill driwwer geschwat, dass et e Flop ass, mä deen, dee Suen do bäigeluecht huet, dat war Delux, respektiv d'Mammefirma vun Delux. Vun dem Gesamtbudget vun 30 Milliounen Euro sinn der 17,5 zu Lëtzebuerg ausgi ginn. Och dat muss ee bëuechten. Dat ass net eng Rechtfertegung, an déi Léier, déi mir doraus gezunn hunn, dat ass, dass déi nächste Kéier, wann eng Rallonge gefrot gëtt, mer nee soe vun Ufank un a soen, passt op wéi Der calculéiert, well mir ginn nëmme bis e bestëmmte Plaffong mat, mir kënnen net iwwerzéien, well mir hu Contraintë vis-à-vis vun eise Steierzueler.

Dat iwwert déi dote Geschicht. An deemselwechten Zesummenhank géif ech dann op d'Madame Delvaux kommen, déi hei geschwat huet vu Koproduktiounen a vu Lëtzebuerger Filmer.

Dat, wat Der verlaangt an der Motioun, Madame Delvaux, dat maache mer. Et ass net esou, dass mir nëmme Koproduktiounen unhuelen. Ech kommen nach eng Kéier op d'Koproduktiounen zréck. Mir hu selbstverständlech e Budget fir Lëtzebuerger Filmer. Wann Der scho kommt mat dem Film „Revanche des chômeurs", wou jo eng gewësse Polemik an der Press war, ass et esou, dass de Filmfong - an ech wëll aganks do soen, dass en en onofhängegt Organ ass, an ech als Minister net do dra schwätze wëll, an dat soll och esou sinn, well wa bis d'Ministeren ufänke sech dran ze mëschen, da geet et net méi - 500.000 Euro un Direkthëllef fir dee Film bereetgestallt huet.

Dat ass deen déckste Montant, dee fir e Film bis elo bereetgestallt gouf. Dat sinn 20 Milliounen aler Frang. Dat ass net grad en Drëttel vun dem Gesamtkäschtepunkt vun der „Revanche des chômeurs". Dee Film kann nach eng Kéier op deeselwechte Montant zréckgräifen iwwer Certificats audiovisuels, esou dass méi wéi d'Halschent vum Käschtepunkt vum zukünftege Film iwwer direkt an indirekt staatlech Hëllef gedeckt ass. De „Club des chômeurs" hat manner kritt. „La revanche des chômeurs" kritt méi, gëtt awer och méi deier.

Dat ass e groussen Effort a mer kommen natierlech an d'Diskussioun, ob mer sollen iwwer esou Montanten nach erausgoen. Do muss een awer e bësse skeptesch sinn, an do kommen ech op dat zréck, wat den Här Mosar gesot huet, et muss nach ëmmer e gewëssene Risiko sinn. Hei si ganz grouss Efforte geschitt, an dofir ass et och falsch ze soen, et géif näischt geschéien, well se kee Produzent fonnt hätten. Dat ass falsch. Si kréien en décke Montant, mä iwwer méi wéi d'Halschent erauszegoen, fir dann de Film ganz als Stat ze finanzéieren, do wëll ech awer skeptesch sinn, well da musse mer d'Kritäre ganz aneschters festleeën. Ech mengen, dass à ce stade dat net dee richtege Wee wär.

D'Diskussioun ass natierlech opkomm wéint de Koproduzenten. D'Madame Delvaux huet e richtege Problem opgeworf, dee vun de Minoritairen. Soulaang ee minoritär an enger Produktioun ass, kann ee manner zum Beispill de Regisseur imposéieren oder d'Acteuren. Dat ass eng Schwieregkeet. Dofir, an elo kënnt d'Verwiesselung, hu mer Instruktioune gi fir ze soen, ma jo, kommt mir kucken, ob mer net kënnen den Haaptkoproduzent kréien, fir dann do méi ze hëllefen, Haaptkoproduzent, un deem déi aner da knätschen a soen, dat an dat hätt ech awer nach gäre méi wéi Lëtzebuerg.

Dat hu mer gemaach op Wonsch vun der ULPA, an ech fannen dat och richteg. Dat war e richtegt Uleies, wat d'ULPA hat, wat Der och jo de Mëtteg virbruecht hutt. D'ULPA, dat ass d'Vereenegung vun de Filmproduzenten zu Lëtzebuerg, mä dat kann een natierlech nëmme maache fir d'Koproduktioun, an et ass e bëssen do wou e Quiproquo komm ass, esou dass ech mengen, dass dat, wat Der verlaangt, mer géife maachen, esou dass fir mech eigentlech déi Motioun net falsch ass, mä si ass sans objet, et sief dann Dir géift esou wäit goe fir ze soen, de Film misst 100% finanzéiert ginn. Do hätt ech manifestement Schwieregkeeten.

Da wollt ech op de Punkt agoen europäesch Fongen, Netz vu Koproduktiounen. Mir versichen esou vill wéi méiglech aus den europäesche Fongen erauszehuelen, wat interessant ass, well mer vill vun Ausbildung geschwat hunn. Eng Partie Saachen zu Lëtzebuerg lafen iwwert de Lycée technique des Arts et Métiers, och iwwert de CNA, a mir hunn eng europäesch Initiativ zu Lëtzebuerg an der Weiderbildung. Dat ass d'Inititiativ „Strategics". Do stellt sech d'Fro, wéi wäit een nach ka weidergoen. Mir si selbstverständlech, wéi den Här Mosar et gefuerdert huet, bereet fir alles dat auszeschöpfen, wat mer kënnen, an dat maache mer och.

D'Netz vu Koproduktiounen ass vu Koriedner hei ugesprach ginn. Bei engem Deel vu Länner brauche mer keng Koproduktiouns-bilateral Accorden, well déi an deem multilateralen Accord dra sinn. Do, wou mer bilateral Accorde brauchen, dat ass mat verschiddene Länner, wou mer privilegiéiert zesummeschaffen, an dofir si mer hannert Éisträich an hannert Irland fir mat deenen eppes ze maachen. E Land, wat och fir eis interessant wär, dat ass d'Schwäiz. Mir haten déi gefrot, mä d'Schwäiz seet mer, dir braucht iwwerhaapt keen. Leeft alles optimal am Multilateralen. Dat ass richteg esou. Si soe weider, mer wëllen och net mat aneren ee maachen, mir maachen nëmmen dat Multilateraalt, esou dass een net e bilateraalt Netz brauch, mä mat deem multilateralen Netz huet ee ganz vill ofgedeckt.

Zum Aarbechtsrecht an den Aarbechtsplazen huet den Här Garcia geschwat. Dee Secteur ass een, wou natierlech engem Aabechtsminister d'Hoer gären zu Bierg stinn, wat dësem Aarbechtsminister awer net ka geschéien.

***(Hilarité)***

Dofir ass et jo gutt, dass ech Aarbechtsminister sinn.

Dass mer an deem neie Projet iwwert den Intermittent du spectacle eng Ouverture maache fir Contrats à durée déterminée, huet eppes domat ze dinn, dass ech léiwer hu mir maache Contrats à durée déterminée wéi mir hu «faux indépendants», well an deem Secteur do gëtt et jett «faux indépendants». Dat ass eppes, wat mech extrem stéiert. Dat ass och net ëmmer einfach an deem Secteur erausfannen, well do gëtt et och vill echt Indépendanten. Et ass ons eng Kéier virkomm bei enger Firma, wou ënner villen eng Botzfra war a mir eis gesot hunn, déi wäert jo awer e CDI hunn, awer neen, déi war Indépendant.

De Problem ass net déi Klausel, dass ee kann op dräi Joer goen, Madame Delvaux, dat ass net fir mech de springende Punkt. Ech si bereet mat Iech dat nach eng Kéier ze diskutéieren, mä et ass eng aner Klausel am Gesetz, déi fir mech méi wichteg ass, an zwar d'Verlängerung vun de CDDen. Just an deem dote Secteur huet een, wéi Dir et richteg sot, oft Opträg vun dräi, sechs, néng Méint, an dertëschent eng Paus, emol manner, emol méi grouss.

D'Leit kréien haut éischter e faux Indépendantëkontrakt wéi e Contrat à durée déterminée, an dat aus deem ganz einfache Grond, dass wa se der dräi hannereneen hu mat enger klenger Paus, dann ass et rechtlech gesinn e Contrat à durée indéterminée. Dat wëllen a kënnen déi Firmen net maachen. Dofir ass fir mech dee wichtegsten Artikel, deen awer och heftegst diskutéiert gëtt, zu deem ech als Aarbechtsminister awer stinn, deen, fir ze soen, et kann een an deem dote Secteur Contrats à durée déterminée no Contrats à durée déterminée maachen, well ech méi frou sinn, dass déi Leit emol e Salariatskontrakt hunn a si si gemellt bei der Sécurité sociale a beim Unfall, wéi mir sinn do an esou Zones d'ombre. Ech wëll net soen, et ass wéi d'Horesca, mä et ass och e Secteur, wou et schwiereg ass einfach ze soen, elo ass «droit commun».

An deem Secteur gëtt gedréint zu onméiglechen Zäiten, an ech wär frou, an dat wier mäi gréisste Wonsch, wa mer eng Kéier géifen e Gesamtgesetz maachen iwwert d'Aarbechtsbedingungen an deem Secteur, wou ee muss Exceptioune maachen zu bestehende Gesetzer. Dat heiten ass fir mech en éischte Schrëtt dohin. An deem Sënn hunn ech och ëmmer versicht Kontakt ze kréie mat deene verschiddenen Associatiounen. Ech hunn d'ULPA genannt. Et gëtt ATAC an et gëtt nach eng drëtt Associatioun, déi professionell Interesse verteidegt.

Dat zum Aarbechtsrecht. Da waren e puer Iddië vum Här Mosar. Den Här Greisen hat dat gesot vun de Chantieren.

Et ass net esou, dass eng auslännesch Firma sech net bräicht u Gesetzer ze halen, wou eng Lëtzebuerger Firma sech muss drun halen. Au contraire, wann Der elo e bëssen d'Zeitunge gelies hutt, hutt Der gemierkt, dass nom Détachementsgesetz, wat a Kraaft ass, d'ITM ganz äerdeg ass, fir just déi auslännesch Gesellschaften ze quëtschen an et kann een net soen, wann ee géif an dem audiovisuelle Secteur schaffen, bräicht ee sech net u Gesetzer ze halen. Och do muss ee sech u Gesetzer halen.

Da kommen ech zum Schluss, déi Iddi, déi den Här Mosar lancéiert hat, d'Gestioun vun den Autorerechter, fir do eppes ze maachen. Et ass eng Iddi wou mer schonn e puermol och driwwer diskutéiert hunn, an ech mengen et ass och eppes wou mer solle wierklech weiderfueren. Ech weess net wou mer erauskommen, mä et ass eppes wat wierklech kéint fir d'Land eng interessant Nisch sinn.

E Wuert awer zu deem wat gesot ginn ass iwwer AOL an Amazon. AOL an Amazon sinn haaptsächlech, awer net nëmmen, wéinst der TVA komm, well et gi Plazen an Europa wou d'TVA méi niddreg ass wéi zu Lëtzebuerg. Et huet och fir Amazon an AOL matgespillt, dass mer aner Avantagen hunn. Wéi zum Beispill d'Main-d'oeuvre, wéi zum Beispill eng SES, déi hei ass, wéi zum Beispill iwwerhaapt all Datenautobunnen, esou dass een - dat ass och fir Lëtzebuerg an Zukunft wichteg - eleng mat Steieravantagen net schaffe soll, well do ginn et der ëmmer, déi nach kënne méi bëlleg sinn. Mir musse mat anere Kompetenze schaffen a mir sollen dat maachen, wat de Premier eigentlech genannt huet „an Niches de compétence goen", manner wéi an „Niches de souveraineté" goen.

Ja, Madame Delvaux?

***(Interruption)***

Ah, Luximage. Pardon, elo hat ech awer eppes vergiess.

Also, Luximage ass eppes wat effektiv am Kader kéint lafe vun der Initiativ «i2i» wéi dat heescht - dat däerf een net «i two i» nennen, dat heescht «ei two ei» -, dat huet d'Madame Reding zesumme mam Philippe Maystadt lancéiert a mir hunn als Lëtzebuerg dat direkt ënnerstëtzt, an d'Madame Reding sot och si wier ganz interesséiert, wa mer zu Lëtzebuerg kéinten esou e Fong maachen. Wat se och dozou bewogen huet fir mam Philippe Maystadt hei a mat mir zesummen eng Réunioun ze maachen, wou mer d'Banken an d'ULPA geruff hunn.

De Problem, deen hei ass, dat ass deen üblechen: Bezilt de Stat alles oder näischt? Mir hunn zu Lëtzebuerg, an dat ass een Nodeel vu Lëtzebuerg insgesamt, op der Bankeplaz kee Wëllen, an an dësen Zäite wahrscheinlech nach manner wéi virdrun, fir hei e Risiko ze huelen. Dat heescht, dat misst zum Drëttel fonctionnéieren an d'Banken hätte gär hiren Asaz total ofgeséchert vum Stat. An dat kann et net sinn, dass deen heite Stat dat alles bezilt, da si mer an där falscher Hypothees.

Ech sinn awer gäre bereet déi Diskussioun nach eng Kéier opzehuelen, well ech hu mer selwer d'Méi gemaach fir se ze kréien. Mä, an dat hu mer och beim Capital à risque, obwuel mer beim Capital à risque jo déiselwecht Législatioun hu wéi hei bei de Certificats audiovisuels, Lëtzebuerg ass e Land, wou et ganz schwiereg ass Capital à risque ze fannen. Et fënnt een ës, mä et ass ganz schwiereg ze fannen, an hei hu mer Banke fonnt, déi investéiere ganz vill vun hire Suen an Amerika an d'Filmproduktiounen, mä fir do op Lëtzebuerg wierklech en Hoff ze kréien, esou wäit si mer leider nach net, an dat ass dat wuerfir dee Projet Luximage bis elo nach net duerchkomm ass.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, datt ech näischt vergiess hunn. Anerefalls huelt mech mat den Oueren an ech äntwerten lech drop.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Discussion générale ass domadder ofgeschloss. Mir kommen elo zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4818 a stëmmen driwwer of.

Den Text vum Gesetzesprojet fannt Der am Document parlementaire 4818[2].

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of iwwert dee virleiende Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4818 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Le premier objectif du présent projet consiste à assurer que désormais l'intégralité du secteur financier sera soumise à une surveillance prudentielle. Il existe en effet actuellement encore certains professionnels du secteur financier (PSF) qui ne rentrent pas dans une catégorie légalement définie, de sorte que l'on pourrait croire qu'ils sont également soumis à la surveillance prudentielle, ce qui n'est pas le cas. Le présent projet de loi supprime cette anomalie. Désormais, toutes les personnes juridiques de droit luxembourgeois qui offrent des services financiers seront soumises à la surveillance prudentielle de la CSSF.

Ce principe étant acquis, le deuxième objectif du projet de loi consiste à définir de nouvelles catégories spécifiques de PSF pour leur donner le cadre juridique requis pour un bon fonctionnement.

Certaines des nouvelles catégories de PSF ainsi définies correspondent à des activités existantes, à savoir l'octroi de crédits, y compris l'affacturage et le crédit-bail assorti d'une option d'achat, ainsi que les activités de prêt et emprunt de titres.

D'autres catégories sont nouvelles et répondent à une demande réelle : les agents de transfert et de registre ainsi que les gestionnaires d'organismes de placement collectif de droit étranger. Les activités de transfert immatériel de fonds doivent être réglées en raison du risque de blanchiment de capitaux que cette activité comporte.

Par ailleurs, afin d'assurer une protection suffisante des épargnants, le projet de loi définit les tâches et obligations des personnes responsables de systèmes de placement en commun de l'épargne. Il s'agit notamment de clarifier la question de la responsabilité de l'administrateur d'un tel système et de limiter le risque auquel les participants sont exposés.

Ensuite, le projet de loi prévoit de rattacher au secteur financier un certain nombre d'activités qui ne sont pas financières a priori, mais qui le deviennent lorsqu'elles sont exercées de façon connexe ou complémentaire par rapport à une activité financière, ce qui est de plus en plus fréquent. Les professionnels financiers proprement dits ont en effet tendance à se concentrer sur l'une ou l'autre activité bien délimitée et à laisser les services connexes à des spécialistes. Ces spécialistes comprennent les agents administratifs du secteur financier, les agents de communication à la clientèle, les opérateurs de systèmes informatiques et de réseaux de communication du secteur financier ainsi que les professionnels effectuant des services de constitution et de gestion de sociétés.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 24.01.2003

Rapporteur:
M. Lucien Clement

Travaux de la Commission des Finances et du Budget (Président: M. Lucien Weiler):

| | |
|---|---|
| 02.06.2003 | Désignation du rapporteur |
| | Présentation et examen du projet de loi |
| 06.06.2003 | Examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| 11.07.2003 | Présentation et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique:
16.07.2003

## 5114 - Projet de loi portant modification

a) de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective;

b) de la loi modifiée du 18 mai 1979 portant réforme des délégations du personnel;

c) de la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes;

d) du code des assurances sociales

Le projet de loi s'inscrit dans la lignée de la loi du 10 février 2003 portant révision des articles 51, paragraphe (6) et 52 alinéa 3 de la Constitution. En effet, à l'instar de cette loi qui a abaissé l'âge minimum exigé pour l'éligibilité aux élections législatives, communales ou européennes à 18 ans, le projet de loi prévoit également de fixer à 18 ans la condition d'âge pour pouvoir être candidat aux élections sociales.

Sont dès lors visés:

- les délégués aux chambres professionnelles;

- les délégués du personnel;

- les membres des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé;

- les représentants des salariés dans les sociétés anonymes;

- les membres élus ou désignés d'un organe de l'Union des caisses de maladie et des caisses de maladie;

- les membres des organes de l'Association d'assurance contre les accidents.

Le principe à la base de la présente réforme consiste dans la volonté de faire participer les jeunes adultes de manière autonome, dès l'âge de la majorité civile, à la vie politique et sociale.

En toute logique, l'abaissement de la condition d'âge à 18 ans doit aussi être répercuté aux élections sociales.

Le projet vise également à étendre le droit d'électorat passif à certaines catégories de ressortissants non communautaires.

Dépôt par M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, le 02.04.2003

Rapporteur:
M. Marcel Glesener

Travaux de la Commission du Travail et de l'Emploi (Président:
M. Marcel Glesener):

| | |
|---|---|
| 05.06.2003 | Désignation du rapporteur |
| | Présentation sommaire du projet de loi |
| 07.07.2003 | Examen de l'avis du Conseil d'Etat |
| | Présentation et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique:
16.07.2003




**www.avenir-europe.lu**

*de Lëtzebuerger Site iwwert den EU-Konvent*

## Ordre du jour

1. Hommage à la mémoire de M. Georges Margue, député honoraire
2. Communications
3. Ordre du jour
4. Heure de questions au Gouvernement:
   - Question N° 318 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Lucien Weiler au sujet des recrutements à l'Administration des Ponts et Chaussées, adressée au Ministre des Travaux publics
   - Question N° 319 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Lucien Lux concernant les modalités d'attribution du forfait d'éducation, adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse
   - Question N° 320 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Gusty Graas au sujet d'une amnistie fiscale belge, adressée au Ministre du Trésor et du Budget
   - Question N° 321 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Camille Gira au sujet de l'implantation d'une deuxième Ecole européenne à Mamer, adressée au Ministre des Travaux publics
   - Question N° 322 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Xavier Bettel au sujet des systèmes de sécurité au Centre pénitentiaire de Schrassig, adressée au Ministre de la Justice
   - Question N° 323 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo au sujet de la prise en charge des frais bancaires lors de virements aux ayants droit de prestations de l'Etat, adressée au Ministre du Trésor et du Budget
5. Ordre du jour
6. Heure de questions au Gouvernement (suite):
   - Question N° 324 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Claude Meisch au sujet de l'organisation de la journée "En ville sans ma voiture 2003", adressée au Secrétaire d'Etat à l'Environnement
   - Question N° 325 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Georges Wohlfart au sujet des marchés publics, adressée au Ministre des Travaux publics
7. 5102 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un bâtiment pour le Centre de Recherche Public Henri Tudor et le Centre de Technologie de l'Education à Luxembourg-Kirchberg

   *(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi)*
8. 4954 - Projet de loi portant 1) répression du terrorisme et de son financement 2) approbation de la Convention internationale pour la répression du financement du terrorisme, ouverte à la signature à New York en date du 10 janvier 2000

   *(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
9. 5102 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un bâtiment pour le Centre de Recherche Public Henri Tudor et le Centre de Technologie de l'Education à Luxembourg-Kirchberg

   *(Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mmes Marie-Josée Jacobs et Erna Hennicot-Schoepges, MM. Luc Frieden et François Biltgen, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.01 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung iergendwellech Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

### 1. Hommage à la mémoire de M. Georges Margue, député honoraire

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e Freiden de 4. Juli huet eis déi traureg Noriicht erreecht, datt de Georges Margue am Alter vu 84 Joer fir ëmmer vun eis gaangen ass. Eng Nouvelle, déi eis all zudéifst getraff huet.

Als brillanten Affekot a Jurist huet hie säi Wëssen a seng immens Erfahrungen an den Déngscht vun der Politik gestallt, an dat esouwuel op nationalem, internationalem, wéi och op kommunalem Plang.

Vun 1959 bis 1994 huet hien, mat enger Ënnerbriechung vun zwee Joer, um Krautmaart an de Reie vun der CSV gewierkt, an et gouf an där Period kaum ee Projet um juristeschen an institutionellen Niveau, deen de Verstuerwenen net maassgeblech geprägt hätt.

Am Stater Gemengerot huet hie sech vun 1952 bis 1959 als Conseiller, an duerno bis 1987 als Schäffen an den Déngscht vun de Bierger gesat. Och war hie laang President vum Office social vun der Stad Lëtzebuerg, wou hie sech mat Engagement an ouni Géigeleeschtung fir déi Mannerbemëttelt an eiser Gesellschaft agesat huet.

De Georges Margue war net nëmmen als Jurist a Politiker eng erausragend Perséinlechkeet, och am privaten an am öffentleche Beräich stoung hien zu senge moralesche Prinzipien, déi dem sou genannte moderne Mënsch oft schwéier zougänglech waren. Awer grad dës Standfestegkeet an Direktheet, gekoppelt mat éierlechem an onermiddlechem Asaz, hunn hien iwwert d'Parteigrenzen eraus zu enger Respektspersoun gemaach, op déi jiddereen ziele konnt.

Mir wäerten de Georges Margue an Erënnerung behalen als eng Perséinlechkeet, där hir Aarbecht 35 Joer laang eis Politik an eis Gesellschaft geprägt huet. Senger Famill a senge Frënn gëllt haut eist häerzlecht Bäileed, an ech géing Iech bieden ee Moment opzestoe fir deem léiwe Verstuerwenen am Stëllen ze gedenken.

***(Minute de silence)***

Ech soen Iech merci.

Der Chamber hunn ech folgend Kommunikatiounen ze maachen.

### 2. Communications

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Madame Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 8 juillet 2003, les projets de loi suivants:

*- Projet de loi N° 5175 portant approbation du Protocole additionnel à la Convention contre le dopage, ouvert à la signature, à Varsovie, le 12 septembre 2002;*

*- Projet de loi N° 5176 portant approbation des amendements au paragraphe 7 de l'article 17 et au paragraphe 5 de l'article 18 de la Convention des Nations Unies contre la torture et autres peines ou traitements cruels, inhumains ou dégradants du 10 décembre 1984, adoptés par la Conférence des Etats Parties, le 8 septembre 1992 et approuvés par l'Assemblée Générale en sa quarante-septième session par la Résolution 47/111 du 16 décembre 1992;*

*- Projet de loi N° 5177 portant approbation de la Convention relative à l'aide alimentaire de 1999, faite à Londres, le 13 avril 1999 et des Annexes A et B.*

3) A l'invitation de Monsieur Hans Ley, Président du Landtag de la Sarre, les membres du Conseil Parlementaire Interrégional (CPI) se sont réunis en séance plénière à Kirkel en date du vendredi, 4 juillet 2003. La Chambre des Députés était représentée à cette rencontre entre parlementaires de la Grande Région par Monsieur Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés et Vice-Président du Conseil Parlementaire Interrégional ainsi que par Messieurs John Schummer, Nicolas Strotz et Alex Bodry.

Les défis de la Grande Région au centre des débats

Monsieur Jacques Santer, en sa qualité de Président de la Commission Politique «Vision d'Avenir 2020» a présenté les trois grands axes des perspectives d'avenir de la Grande Région qui sont:

- l'identité européenne et l'art de vivre européen, qui entrevoient la transmission des valeurs et vertus européennes par la culture et l'enseignement;

- la compétence européenne qui se rapporte d'une part au processus d'intégration européenne en lui-même et qui s'accompagne d'autre part d'une compétence culturelle;

- une région modèle européenne.

Il a en outre plaidé plus particulièrement pour le multilinguisme, pour l'investissement dans le «brainpower» de la Grande Région ou la création au niveau des universités de «centres d'excellence».

Les membres du CPI quant à eux ont souligné l'importance de leur organe dans la constitution d'une identité régionale.

L'intégration de la Grande Région dans le système des réseaux ferrés transeuropéens, une nécessité

Le Conseil Parlementaire Interrégional soutient expressément l'exigence d'une ligne à grande vitesse pour relier entre elles les villes de Bruxelles, de Luxembourg et de Strasbourg.

Les parlementaires présents à Kirkel ont souligné que l'insertion de la Grande Région dans le projet de ligne à grande vitesse entre Londres et la Méditerranée - via Bruxelles, Luxembourg et Strasbourg, villes où les institutions européennes ont leur siège - revêt une importance essentielle dans le cadre du développement de la Grande Région.

Vers une coopération renforcée des aéroports

Par ailleurs il a été question des infrastructures aériennes en Grande Région. La commission compétente a constaté que la Grande Région dispose d'une bonne infrastructure aérienne qui constitue un atout majeur face à la concurrence économique des régions dans le cadre de la Communauté européenne des Etats membres.

Le CPI se félicite des premiers signes témoignant des activités de coopération entre aéroports et en encourage le développement dans un souci d'efficacité: un portail Internet unifié de l'offre du trafic aérien, des prix, des destinations, des possibilités de réservation et d'autres informations pourrait être de nature à présenter le potentiel «trafic aérien» de la Grande Région sous une présentation uniformisée et en promouvoir davantage la communication.

Soutien transfrontalier à la production audiovisuelle

Depuis toujours les parlementaires réunis au sein du Conseil Parlementaire Interrégional ont considéré que la culture revêt une importance particulière dans l'évolution future et la cohésion de la Grande Région Saar-Lor-Lux. Le film constitue un volet important du concept stratégique de la politique culturelle qui contribuera certes à faire évoluer la conscience transfrontalière des habitants.

Ainsi le CPI préconise la promotion de la coopération existante en matière de soutien à la production audiovisuelle dans les différentes parties de la Grande Région afin de regrouper les possibilités d'aide actuelle pour ainsi donner à la Grande Région le profil d'un site de production et de soutien à l'audiovisuel.

Il revendique également pour l'avenir le soutien du Festival Saar-Lor-Lux du film et se prononce en faveur d'un organe centralisé susceptible d'aider dans les préparatifs de ce festival.

Défendre une agriculture de proximité, de qualité et soucieuse de l'environnement

Dans une recommandation le CPI demande aux instances compétentes de l'Union européenne ainsi qu'aux gouvernements des Etats membres de veiller à ce que les mesures envisagées lors de la révision à mi-parcours de la politique agricole commune soient aménagées de façon à ce qu'il ne puisse en résulter une diminution directe ou indirecte des revenus des agriculteurs.

Par ailleurs, les parlementaires encouragent une agriculture soucieuse de l'environnement, voire une agriculture de proximité et de qualité misant sur la viabilité des exploitations agricoles à caractère familial.

### 3. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun haut de Mëtten ubelaangt, wëllt ech drop hiweisen, dass d'Question avec débat Nummer 32 op e spéideren Datum verluecht gëtt. Mir hunn dann haut de Mëtten eng Froestonn un d'Regierung, an zwar hu mer als éischt d'Fro...

***(Interruption)***

Den Här Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Ech hat geduecht, Dir géift den Ordre du jour ginn an dann dozou…

M. le Président.- Neen, den Ordre du jour hu mer duerch. Mir kommen elo un d'Heure de questions.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Mä dat ass eng Partie vum Ordre du jour.

M. le Président.- Jo, Dir kritt d'Wuert dann zum Ordre du jour.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'sozialistesch Fraktioun freet, dass de Projet de loi 4954 iwwert d'Repressioun vum Terrorismus a sengem Finanzement an d'Approbatioun vun der internationaler Konventioun vun New York vum 10. Januar 2000 vum Ordre de jour erofgeholl gëtt.

Mir froen dat, well mer der Meenung sinn, dass dëst Parlament sech sollt nach en Délai de réflexion gi fir sech mat där ganz sensibler, ganz kriddeleger a komplexer Matière vun dem Strofrecht an am Bezuch zur Bekämpfung vum Terrorismus nach eng Kéier an aller Rou ze befaassen an iwwert déi nächst Méint déi néideg Adaptatiounen zu deem virgeschloene Gesetzesprojet virzehuelen.

Mir maachen dat opgrond vun enger Analys vum Regierungsprojet, wou mer op där enger Säit selbstverständlech der Meenung sinn, dass sech e Stat, och de Lëtzebuerger Stat, Mëttel an Instrumenter muss gi fir den Terrorismus ze bekämpfen, an dass e sécherlech als Instrumentarium, wat mer haut hunn, net duer geet, fir dat an allem Fall kënnen an deem néidege Mooss ze maachen.

Et muss also légiféréiert sinn, wéi mer als sozialistesch Fraktioun eis och fir d'Transpositioun vun der Décision cadre vum Conseil vum 13. Juni 2002 ausschwätzen, mä mir soen et ganz kloer, mir si fir d'Ëmsetzung an d'Lëtzebuerger Recht vun där Décision cadre, mä nëmmen déi Décision cadre. Mir si géint all Auswäitung vu Lëtzebuerger Säit géintiwwer vun deem wat an där Décision cadre steet. An dee Regierungsprojet, esou wéi en eis virläit, geet méi wäit wéi dat vun europäeschen Institutioune festgeluecht ginn ass. Dee geet méi wäit wéi dat wat och an der internationaler Konventioun dra steet.

Mir sinn hei am Strofrecht, wou ee menger Ansicht no muss mat pre-

zisen Notioune schaffen, wou d'Marge d'interprétation am Sënn vun de Rechter vun dem Justiciablen esou kleng wéi méiglech muss sinn, a mir sinn der Meenung, dass deen Text, deen d'Regierung virgeluecht huet, an dee vun der Majoritéit an der Kommissioun guttgeheescht ginn ass, eben deenen dote Kritären net entsprécht.

Besonnesch Angscht mécht eis d'Definitioun am Artikel 135-1 vum Code pénal, wou all Strofinfraktiounen, déi mat enger minimaler Maximalstrof vun zwee Joer beluecht sinn, hei an Zukunft ënnert déi Definitioun vum Acte de terrorisme falen, déi mat ganz héije Prisongsstrofe beluecht gëtt. A mir sinn och der Meenung, dass ënner anerem de Prinzip vun der Proportionalitéit vun der Strof par rapport zur Infraction net gewährleescht gëtt, an dat ass e fundamentale Prinzip vun eisem Strofrecht. Hei gëtt op ee Schlag en Amalgame gemaach tëschent all méiglechen Infraktiounen, déi an Zukunft kënnen als Acte de terrorisme ugesi ginn, recherchéiert ginn a bestrooft ginn, an et gëtt eng eenheetlech Strofmooss fir all déi Infraktiounen virgesinn. Dat doten ass eemoleg am Lëtzebuerger Strofrecht.

Mir sinn also der Meenung, ouni hei wëllen an eng Polemik ze verfalen, dass ee soll a Rou an an der néideger Sérénitéit dee ganzen Dossier nach eng Kéier kucken, opgrond vun deenen öffentlechen Debatten och vun deene leschten Deeg, opgrond vun Ouverturen, déi anscheinend de Premier haut de Moien den Demonstrante gemaach huet, wou hie selwer indirekt Imperfectiounen am Text zouginn huet. Mir sinn also der Meenung, datt dat alles Argumenter sinn, déi een net einfach soll mat engem Wësch, mat enger Ofstëmmung hei ënnert den Dësch kieren. Mir sollen also a Rou an a Sérénitéit deen Dossier nach eng Kéier kucken.

Mir wëllen eppes géint den Terrorismus maachen. Mir sinn der Meenung, dass op europäeschem Plang eng Zesummenaarbecht noutwendeg ass, dass och eng Harmoniséierung wichteg ass. Mir sinn awer der Meenung, dass een als Lëtzebuerg net brauch méi ze maache wéi verlaangt ass an net brauch och mat Prinzipien ze briechen, déi bis elo feste Bestanddeel vun eisem Strofrecht waren an déi am Sënn vun de Rechter vun den öffentleche Fräiheete sinn.

An deem Sënn fuerdere mer d'Chamber op fir - ech mengen dat ass eng Iwwerleeung aus dem bon sens eraus - deen heite Projet de loi vun dësem Ordre du jour vun dëser Woch ewechzehuelen, fir dass mer a Rou an deenen nächste Méint nach eng Kéier kënnen deen Text am Detail kucken, fir e besseren Text hei enger breeder Zoustëmmung kënnen am Parlament zouzeféieren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet nach gefrot d'Madame Renée Wagener. D'Madame Renée Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Mir sinn zwar méi kritesch wéi de Spriecher vun der LSAP par rapport zu där europäescher Décision cadre, mä mir hunn awer zwee Grënn firwat mer eis kënnen där doter Positioun uschléissen.

Dat éischt ass e formalen. Ech hat selwer an der Commission juridique d'Fro gestallt, firwat elo op eemol esou ganz schnell esouwuel den Avis vum Conseil d'Etat, den Avis complémentaire vum Conseil d'Etat wéi och dann de Projet de rapport an enger Sitzung duerchgebaatscht géife ginn, amplaz datt mer eis fir esou e wichtege Projet géifen Zäit huelen.

An den zweeten ass en inhaltlechen. Dir wësst, dass et net nëmmen deen heite Projet gëtt, mä et gëtt och dee vum Mandat européen an et gëtt dee vum Spëtzeldéngscht, an déi Projeten hänken enk zesummen an déi zwee aner Projeten hunn och eng Konsequenz fir deen heiten an ëmgedréint, esou datt et eigentlech absurd ass dat hei elo ze stëmmen ouni en connaissance de cause ze si vun deem wat an deenen anere Projeten dra steet. Dofir géife mir et ganz wichteg fannen, dass dee Projet hei haut net gestëmmt gëtt.

An da kënnt vläicht nach eng drëtt Saach derbäi. D'Tatsaach, dass deen heite Projet an der Öffentlechkeet fir ganz vill Diskussioun elo suergt, weist och drop hin, dass do e Bedürfnis ass no Diskussioun an no Ausernanersetzung, deem mir mengen ech als Chamber och sollen an deem Sënn entgéint kommen, datt mer hei net mat der Guillotine fueren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert freet den Här Lucien Weiler. Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, ech deelen dem honorablen Här Bodry seng Suerg ëm eng gutt parlamentaresch Aarbecht. Ech menge grad just bei dësem Projet wär déi gemaach ginn.

Dee Projet hei ass zënter dem Januar a laange Sitzunge vun der Commission juridique gekuckt ginn, analyséiert ginn. Iwwert eng Rei vu Froen, déi elo just schonn ugesprach gi sinn, ass sech des Langen an des Beeden an der Kommissioun ënnerhale ginn. An d'Kommissioun ass zu Konklusioune komm, an déi Konklusioune leien eis haut hei vir.

Dee Projet,dee virläit,ass voll an der Linn an am Kader vun der Décision cadre vum Conseil, an deementspriechend mengen ech net, dass een elo kann nei Elementer an déi Diskussioun mat erabréngen. Mä d'Kommissioun, an ech sinn och do e bëssen iwwerrascht vum Här Bodry awer, well seng Fraktioun an der Kommissioun déi do Bedenken an deem Mooss an an där Form, wéi hie se elo haut hei virdréit, net virbruecht huet, an och den Här Krecké war d'lescht Woch awer d'accord, dass mer dee Projet hei géifen op den Ordre du jour setzen. Deementspriechend denken ech, dass mer elo a Sérénitéit sollen dee Projet hei debattéieren an da komme mer zur Konklusioun.

M. le Président.- Den Här Urbany freet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo, Här President, ech kann nëmmen déi Fro, déi elo hei gestallt ginn ass, fir dee Projet auszesetzen, ënnerstëtzen.

Dir wësst, datt ech jo selwer gëschter schréftlech nach eng Kéier eng ganz Partie vu Bedenke mengersäits hei virbruecht hunn. Dir wësst, dass ech schonn e puermol hei am Plenum geschwat hunn iwwert dee Projet hei. Ech hunn intuitiv dee Projet verstanen als eppes Schwerwiegendes, wat grondsätzlech Froe vun eisem Strofrecht a Fro stellt.

Ech si mer allerdéngs eréischt déi lescht Deeg bewosst ginn, reell, wat dee Projet bedeit, wann een en och kuckt am europäesche Kontext, wann een e kuckt op der Grondlag vu grousse Prinzipie vum Strofrecht, déi bedeiten d'Proportionalitéit vun de Strofen, d'Legalitéit vun de Strofen. Wéi kann eng Nébuleuse eng Legalitéit vun de Strofe bedeiten? Wéi kann en eenheetlecht Strofmooss fir all Zorte vu primären Infraktiounen, déi kënne goe vun dräi Joer bis zéng Joer, oder nach méi, eppes mat Proportionalitéit vun de Strofen ze dinn hunn?

Dat widdersprécht allem wat jidderee bis elo gemengt huet ze kennen vun de Grondprinzipie vum Strofrecht. An ech muss soen, wann et mir schonn esou gaangen ass, wéi geet et de Leit dobaussen dann, déi bis elo sech nach guer net der Envergure vun deem Ganzen do bewosst waren?

Ech hunn zum Beispill an der Kommissioun gefrot, an iwwregens scho ganz fréi, dass och Juristen, kompetent Juristen, déi Spezialisten en la matière sinn, Strofrechtler sollten ageschalt gi fir hiren Avis ofzeginn. Ech hu gefrot, dass de Parquet sollt en Avis ofginn. De Statsrot seet iwwregens och, de Parquet sollt en Avis ofginn. Firwat ass dat alles net geschitt?

Ech hat d'Impressioun, an der Kommissioun ass dee Projet do erofgerubbelt ginn an et ass deene Leit, déi sech domat befaasst hunn, net séier genuch gaange fir en duerchzekréien, fir dass net dee Projet a senger ganzer Envergure do soll un d'Dagesliicht trieden. An dofir ass et jo och gutt elo, dass dobaussen déi Öffentlechkeet elo geschafe ginn ass, an ech mengen, wann d'Chamber responsabel handelt, als Gardien vun de Gesetzer vun dësem Land, da soll se sech dat Ganzt emol nach eng Kéier seriö iwwerleeën, an et fält der Chamber keen Zack aus der Kroun, kenger Fraktioun heibannen, wa se seet: „Da loosse mer eis et wierklech emol nach eng Kéier iwwerleeën." Do si jo awer seriö Bedenke virbruecht ginn.

Déi Madame Maria Luisa Cesoni seet Saachen, déi ech och zum Beispill hei a mengem Bréif geschriwwen hunn. Ech hunn aner Saache gelies, déi an eng ähnlech Richtung ginn. Loosse mer et eis nach eng Kéier seriö iwwerleeën, an duerfir wëll ech mech och deem uschléissen, där Demande, déi hei vum Alex Bodry gemaach ginn ass, fir dat Ganzt ze vertagen.

M. le Président.- Den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Mir ware vun eiser Säit aus zwar der Meenung et sollt een dee Projet haut hei an der Chamber diskutéieren, vu datt e jo och scho relativ laang an der Commission juridique an alle Froen an Detailer behandelt ginn ass, mä ech mengen et ass awer richteg an et fält eis och als Politiker keen Zack aus der Kroun, wa mer an deene leschten Deeg dach eng Rei vun Informatioune kritt hunn, wou dee Projet aus engem aneren, vläicht méi kritesche Bléckwénkel gekuckt ginn ass. Ech muss soen, dass vun eiser Säit aus mir vun deem Projet iwwerzeegt waren, bis virun e puer Deeg, an eis dunn opgrond vun deenen neie Propositiounen, déi mer kritt hunn, dach méi kritesch mat dem Dossier ausernaner gesat hunn.

Ech wëll net soen, datt mer géint de Projet sinn, mä mir sinn awer der Meenung, datt awer eng Rei vu Froen opgeworf gi sinn an deene leschten Deeg, an och vum Conseil d'Etat ass dat jo schonn ernimmt ginn, datt et schonn derwäert wär, datt mer nach eng Kéier géifen iwwert déi Froen an der Kommissioun diskutéieren. Et ass jo elo kee Projet wou mer ënner Zäitdrock stinn, datt mer deen dës Woch missten huelen. An ech géif mengen och am Kader vun der Transparenz an dem Dialog, dee mer jo als Regierung wëlle mat de Bierger a mat de Forces vives de la nation féieren, géif eis dat heite gutt zu Gesiicht stoen als Politiker, wa mer géife soen: « Mer haten e wuel um Ordre du jour, mä et gëtt eng Rei vu Froen, déi eben elo opgeworf gi sinn. Kommt mer huelen déi a mer diskutéieren doriwwer. »

Mer komme vläicht zu deenesellwechte Konklusiounen, mä dann hu mer wéinstens als Politiker den Effort gemaach an och de Beweis erbruecht, datt mer déi Propositiounen, déi Kriticken, déi aus der Öffentlechkeet koumen, zur Kenntnis geholl hunn an eis och mat deenen ausernaner gesat hunn. Dofir wiere mir och positiv, fir de Punkt vum Ordre du jour ze huelen.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Häre, d'Chamber ass also befaasst mat engem Antrag, de Punkt 4 vun eisem Ordre du jour, de Projet de loi 4954, vum Ordre du jour erofzehuelen. Mer stëmmen dann elo driwwer of.

***Vote***

Wie fir deen Antrag ass, de Punkt 4, de Projet de loi 4954 vum Ordre du jour erofzehuelen, dee stëmmt mat Jo. Déi dergéint si stëmme mat Neen oder enthale sech.

Ass e Vote électronique verlaangt?

***(Assentiment)***

Nach eng Kéier: Déi fir den Antrag si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

Den Antrag de Punkt 4 vum Ordre du jour erofzehuelen ass verworf mat 33 Nee- a 25 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Zanussi), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Domat ass den Ordre du jour ugeholl, wéi en an der Presidentekonferenz d'lescht Woch virgeschloe ginn ass.

Mir fuere weider mat eisem Ordre du jour a kommen zur Froestonn un d'Regierung.

Do hu mer als éischt d'Fro Nummer 318 vum Här Lucien Weiler un d'Bauteministesch iwwert d'Astellung bei de Ponts et Chaussées. Den Här Weiler huet d'Wuert.

## 4. Heure de questions au Gouvernement

- Question N° 318 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Lucien Weiler au sujet des recrutements à l'Administration des Ponts et Chaussées, adressée au Ministre des Travaux publics

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt eng Fro stellen un d'Madame Bauteminister iwwert d'Politique de recrutement bei der Administration des Ponts et Chaussées.

Mir alleguerten heibanne wëssen, datt dat eng Verwaltung ass, déi sech ganz viller Beléiftheet dobaussen erfreet, an deem Sënn wou et ganz vill Leit gëtt, déi frou wären, wa se kënnten en Job bei där Verwaltung kréien. Mä et ass ëmmer schwiereg fir de Leit eng Äntwert ze gi wa se een uspriechen, well een net genee weess, wéi eng Politik hei verfollegt gëtt, an deementspriechend wéisst ech gär vun der Madame Bauteminister:

1. An deene leschten zwee, dräi Joer sinn 2-, 3-mol Appels de candidature gemaach ginn. Ech wéisst gär, wéi vill Kandidature bei deenen Appels de candidature erakomm sinn.

2. Ech wéisst op där anerer Säit gär, wéi vill Posten déi Adminstratioun an deene leschte Joren ze verginn hat, dat heescht ze besetze waren. Deementspriechend gesäit ee wat de Surplus un Demanden ass par rapport zu de Posten, déi ze vergi sinn.

3. Ech wéisst och gär, wéi eng Kritären, dass haut applizéiert gi vun der Verwaltung, fir de Choix ze maache vun deene Leit, déi sollen agestallt ginn. Mir wëssen, datt an der Vergaangenheet hei, viru Joren, e gewëssenen Duerchernee war, an datt een net richteg wosst ëm wat, datt et géif goen, no wéi enge Prozeduren, datt géif agestallt ginn. Dofir wäre mer nawell frou gewuer ze gi wéi eng Kritären, datt haut ugewannt gi fir ze wëssen, deen do kann e Poste kréien, deen do ka kee Poste kréien.

Merci.

M. le Président.- D'Madame Bauteminister Erna Hennicot-Schoepges huet d'Wuert.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, ech äntwerten dem honorablen Här Weiler op seng Fro andeems ech soen, datt mer am Januar 2000 déi éischt Publikatioun gemaach hunn an dorobberhin 1.052 Demanden erakritt hunn. Et si vun deenen 1.052 91 Kandidaten zréckbehale gi fir e perséinlechen Entretien an 69 Kandidate sinn definitiv zréckbehale gi fir engagéiert ze ginn.

D'Fro no wat fir enge Kritäre mer fueren, bedéngt déi heiten Äntwert: Et muss een emol fir d'éischt eng Demande conforme gemaach hunn no der Publikatioun. Dann hu mer e bëssen och de Passé vun de Leit gekuckt. Leit, déi professionell keng gréisser Schwieregkeeten haten, net oft d'Aarbechtsplaz gewiesselt hunn oder wéinst aneren Zwëschefäll net méi eng Aarbecht haten, déi sinn a Fro komm. Mir hunn dann d'Prioritéit ginn de Kandidaten, déi keng Aarbecht haten oder deenen hir Aarbechtsplaz a Gefor ass.

Mir hu keng Leit mat Iwwerqualifikatioun zréckbehalen, well där ganz dacks bei den Demanden och dobäi sinn. Mir hunn eng Prioritéit gi Leit mat Charge de famille a mat Domicile fixe. Mir hunn des Weidere Leit eng gewësse Prioritéit ginn, déi schonn als DAT bei Ponts et Chaussées geschafft hunn. D'Altersgrenz hu mer gesat tëschent 20 Joer minimum a 45 Joer maximum. Da war och nach eng weider Konditioun, datt een huet missen e Führerschäin hunn an der Kategorie B.

Am Ganzen hunn d'Ponts et Chaussées en Effectif vu 616 Aarbechter. Dat ass een Numerus clausus, dat heescht dat sinn 616 fix Posten, an do ginn ongeféier pro Joer eng 25 Poste libéréiert, doduerch datt Leit a Pensioun ginn. Dat ass och d'Ursaach an d'Explikatioun, firwat datt et mat deenen Astellungen esou lues gaangen ass.

**Chamber TV**

*och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*

Mir hunn en zweeten Avis de publication 2003 am Abrëll gemaach. Doropshin hu mer 765 Demandë kritt an déi 765 Demanden, déi ginn no dem virgenannte System behandelt.

M. le Président.- Déi nächst Fro iwwert de Forfait d'éducation kënnt vum Här Lucien Lux a riicht sech un d'Familljeministesch. D'Wuert huet den Här Lucien Lux.

- Question N° 319 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Lucien Lux concernant les modalités d'attribution du forfait d'éducation, adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech kommen zréck op d'Diskussioun vum Gesetz, wat mer d'lescht Joer gestëmmt hunn an der Ëmsetzung vun de Resultater vum sou genannte Rentendësch a méi prezis op de Forfait d'éducation, d'Mammerent, oder wéi et och ëmmer genannt gëtt, vun 3.000 Frang pro Kand a pro Mount fir all Mammen.

Et ass gewosst, dass mer deemools iwwer zwee Modeller diskutéiert hunn, ee vun der Regierung, dee sech méi an de Geescht vun dem Pensiounregime gesat huet an op där anerer Säit dee vun der LSAP, deen e méi generell familljepolitesche Charakter hat.

Mir hunn och deemools schonn diskutéiert iwwer eppes, wat elo vill Misär, vill Opreegung a vill Enttäuschung betraffene Mamme mécht, well se praktesch de facto e Refus kréien, oder et jiddefalls esou gesinn, duerch de Fait, dass se e Complément kréie fir op d'Mindestrent ze kommen, am Fall wou se eng kleng Rent hunn, an duerch d'Tatsaach, dass elo de Forfait d'éducation par le biais vun den Erzéiungsjoren an hir Rent agebaut gëtt, hir Rent am Prinzip zwar virtuell an d'Luucht geet, mä doduerch awer de Complément zréckgeet, wat dozou féiert, dass et entweder en Nullspill gëtt oder awer net méi vill dobäi erauskënnt.

Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass mer deemools ganz no bei enger Léisung waren, well de Kolleeg Jean-Marie Halsdorf, dee Rapporteur vum Projet fir deen do Deel haaptsächlech war, en Amendement erabruecht hat, fir déi do Bestëmmung aus dem Gesetz an enger éischter Phas erauszehuelen. Ech hunn och nach eng Kéier am Procès-verbal nogelies. Deemools huet hien dat begrënnt domat - esou steet et am Procès-verbal -, dass „une injustice flagrante" géif erausgeholl ginn, déi zu deem Spill féiert, wat mer elo erliewen.

Alleguer heibannen si mer an de leschten Deeg a Woche Leit begéint, déi dat do net verstinn. Do kann ee vill diskutéieren, mä si hu kee Verständnis derfir, dass just déi, déi déi klengst Renten hunn, déi sinn, déi näischt vun deenen 3.000 Frang gesinn oder wéineg, an dat wierklech als eng grouss Ongerechtegkeet ugesinn.

Déi lescht Reklamatioun, déi ech de Muere kritt hunn, ass vun enger Madame vu Walfer, déi zwar schéi virgerechent krut an der Décisioun, wéi dat Spill sech do mécht, mä wann een eng Kéier an d'Welt gesat huet, an onse Statsmininster war Champion dodra fir ze soen, all Mamme kréie fir hir Erzéiungsleeschtung fir all Kand 3.000 Frang, da versteet een, dass déi Leit wierklech an enger relativer Situatioun vun Désarroi sinn.

Meng Fro ass ganz einfach déi: Ass et net de Moment, au vu vun deenen Diskussiounen, déi mer schonn haten an déi mer och nei kënnte féieren, fir derfir ze suergen, dass mer déi Ongerechtegkeet do géifen ausmäerzen, an d'Regierung eis géing mat enger Propositioun confrontéieren, déi dat do géing aus der Welt schafen?

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Familljeministesch Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Här Chamberpresident, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn eigentlech frou, datt den Här Lux mer déi Fro hei gestallt huet, well dat effektiv eng Diskussioun ass, déi an dësem Moment relativ dacks dorëmmer gefouert gëtt, an déi mir d'Geleeënheet gëtt, dat nach eng Kéier ze erklären, dem Här Lux, deen ouni Zweifel ee vun de Spezialisten ass vun de Rentesystemer, vun deem, wat d'Sécurité sociale ubelaangt. Hien huet och hei erklärt, wéisou datt dat entsteet a wéisou datt dat méiglech ass.

Och gëtt dat mer d'Geleeënheet fir op en oppene Bréif vun der LSAP-Fraktioun ze äntwerten, andeem ech soen, datt déi minimal Pensiounen d'Leit jo nëmme kritt hunn, well se Kanner haten. Et ass also net, datt déi Leit näischt géinge kréien.

Ech muss soen, ech hat och vill Leit um Tëlefon an hunn och mat ville Leit doriwwer geschwat, a wann een de Leit dat richteg erkläert, da versti se dat och. Si sinn net frou doriwwer. Ech hunn nach ni ee gesinn, deen, wann e gemengt hat e géing eppes kréien an e kritt et net, datt en doriwwer frou war, mä si verstinn et awer.

Eng Fra, déi ech iwwer en Deputéierte recommandéiert kritt hat, fir ze kucken, datt déi Fra hir Séilerou géif erëmfannen, wéi ech där ugeruff hunn, huet se gesot, Dir hätt eigentlech net méi bräichten ze télefonéieren, well ech hunn nogefrot an déi hu mer dat alles erkläert, an ech hu festgestallt, datt ech elo zënter 16 Joer eng Pensioun hunn, wou déi aner Leit alleguer näischt kritt hunn. Och dat ass eng Explikatioun. Déi Fra huet och eng Minimalpensioun.

Här Lux, Dir sot, dat si Leit, déi am mannste Rent hunn. Dat ass wouer, mä déi Allermannst dovun hunn awer nëmmen déi Rent. Do si vill Fraen drënner, déi nach eng Rent vun hirem Mann derbäi hunn oder et ass nach eng Pai do, oder wéi et och ëmmer ass. Ech denken, datt et wichteg ass, an dofir sinn ech och frou, datt ech d'Geleeënheet hu fir eis eppes doriwwer ze soen, datt ee virun allem awer och bei deene Leit, déi wierklech kleng Pensiounen hunn, déi soll drop opmierksam maachen, datt se vun der Méiglechkeet solle profitéiere fir de Complément ze kréie vum RMG.

Et deet mer eigentlech Leed, datt esou wéineg nom Rentendësch doriwwer geschwat ginn ass. Mir hu massiv dat duerchgesat, wat iwwert de Fonds de solidarité do kann ausbezuelt ginn, wat fir eng eenzel Persoun bis 12.000 Frang de Mount kann ausmaachen, esou datt ech awer mengen, datt wann et sech ëm Leit handelt, déi soss näischt hunn, een awer deene muss soen, probéiert iwwert deen dote Wee.

Dat ass also net, wéi wann déi Leit näischt kritt hätten. Wéi gesot, si kréien net nach eng Kéier eppes, och net déi 3.000 Frang an där Form, déi jo deemools effektiv d'LSAP-Fraktioun oder d'Partei virgeschloen hat, mä déi Kannererzéiungsjoren, an do huet keen eppes Falsches gesot, si bei jiddferengem unerkannt ginn. Et ass selbstverständlech ëmmer d'Fro, virun allem bei de Suen, ob een deenen engen, well si kleng Renten hunn, dat dann eventuell zweemol wëllt unerkennen oder net. Ech denken, dat ass eng Décisioun, déi an deenen nächste Jore sécher kann erëm gefouert ginn, wa Suen do si fir dat maachen ze kënnen.

Et si fir de Moment ongeféier - ech verheemleche wierklech guer näischt hei - 1.700 Leit, déi eng Minimalpensioun hunn an déi ënnert deen do Regime falen, déi eppes kréien oder nëmmen eppes ganz Minimes kréien, 1 Euro oder annerhallwen, wéi et dann ass.

Ech versti gutt, datt déi Leit net frou doriwwer sinn, mä ech mengen awer, datt et eppes ass, wat ee jidderengem kann erklären, a wann een zu de Leit seet, Dir hutt iwwert deen do Wee profitéiert, da versti se dat meeschtens. Ech hunn ni gesot, jiddferee kritt 3.000 Frang. Ech hunn ëmmer gesot, jiddferee kritt seng Erzéiungszäiten unerkannt, deen een iwwert deen dote Wee, deen aneren iwwert déi 3.000 Frang, an déi aner kréie se an der Pensioun ugerechent, esou datt dat, mengen ech, net eng Fro vu Gerechtegkeet as, mä et ass virun allem emol eng Fro vun der Explikatioun a wou ech, wéi gesot, dankbar sinn, datt mer hoffentlech domadder deene Leit, déi net alleguer kënne mat dem Här Lux a mat mir Kontakt ophuelen, eng Äntwert konnte ginn, och wa se net driwwer frou sinn, si et trotzdeem wéinstens verstinn.

Merci, Här President.

M. le Président.- Mir kommen zur Fro Nummer 320 vum Här Gusty Graas un den Här Budgetsminister iwwert d'Steieramnistie an der Belsch.

- Question N° 320 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Gusty Graas au sujet d'une amnistie fiscale belge, adressée au Ministre du Trésor et du Budget

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Koalitiounsverhandlungen an der Belsch si lues jo zu engem Enn komm a gëschter konnt een an der einheimescher Press liesen, datt ënner anerem eng Steieramnistie virgesi wier fir déi belsch Awunner, déi hiert Geld am Ausland ugeluecht hunn, an et géing hinnen eng Stroferliichterung an Aussiicht gestallt ginn, wa se géingen hiert Geld erëm a belsch Aktien investéieren. Ënner anerem ass an deem Artikel och drop higewise ginn, datt dat kënnt gewësse Répercussiounen och fir de Standuert Lëtzebuerg hunn. An deem Sënn wollt ech dofir zwou Froen un den Här Minister stellen:

1. Awéiwäit datt hien informéiert ass iwwert déi geplangten Initiativ vun där neier belscher Regierung an

2. ob effektiv am Fall wou dat géing ëmgesat ginn, dat kënnt eng Répercussioun hu fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, léif Kolleegen, déi Fro vum Här Graas ass natierlech schwiereg ze beäntwerten, well de Premierminister Verhofstadt de Mëtteg um dräi oder véier Auer de Koalitiounsprogramm der Öffentlechkeet virstellt an et war selbstverständlech onméiglech tëschent 11 an 12 Auer de Moien Informatiounen ze kréien iwwer eppes wat de Mëtteg virgestallt gëtt. Allerdéngs hu grad wéi den Här Graas och ech d'Zeitungen an deene leschten Deeg gelies iwwert déi méiglech Pläng. Ech weess net, ob déi nei Regierung an der Belsch dat schlussendlech zréckbehalen huet. Et ass och net an der Aufgab vun der Lëtzebuerger Regierung Punkte vun engem belsche Koalitiounsprogramm ze kommentéieren.

Ech ka just soen, datt wann d'belsch Regierung sech op dee Wee begëtt, wat hiert gutt Recht ass, da gi mer dovun aus, datt dat d'Prinzipie vum Marché unique respektéiert. Dat heescht, datt déi Moossname sech selbstverständlech mussen applizéieren op d'Sue vu belsche Résidenten, ob déi Suen an der Belsch sinn oder an engem anere Land an der Europäescher Unioun, an et ass un der europäescher Kommissioun fir ze kucken, datt d'Prinzipie vum Marché unique och bei esou Dispositiounen, sollten se da kommen, an der Belsch géingen applizéiert ginn.

Ofschléissend géing ech mengen, datt grondsätzlech Amnestiegesetzer natierlech ëmmer Effeten hunn op de Comportement vun de Steierzueler, een awer och aus der Erfahrung weess, datt déi Amnestien, déi an deene leschte Joren an anere Länner an der Europäescher Unioun gemaach gi sinn oder diskutéiert ginn, ech denken un Däitschland oder un Italien, net zu gréisseren Effeten op der Finanzplaz Lëtzebuerg gefouert hunn. Mä nach eng Kéier, dat muss ee kucken am Liicht vun deem wat déi belsch Regierung dann eventuell diskutéiert huet a wat ech wierklech an dësem Moment net weess.

M. le Président.- D'Fro Nummer 321 kënnt vum Här Camille Gira a riicht sech un d'Bauteministesch iwwert eng zweet Europaschoul zu Mamer. D'Wuert huet den Här Gira.

- Question N° 321 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Camille Gira au sujet de l'implantation d'une deuxième Ecole européenne à Mamer, adressée au Ministre des Travaux publics

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bekanntlech huet d'Regierung décidéiert zu Mamer eng zweet Europaschoul ze bauen. An deem Kontext huet se eng Konventioun mam Mamer Schäfferot gemaach, wou se sech zu enger Hellewull vun Engagementer verflicht huet. Net manner wéi 17 un der Zuel. Ënner anerem engagéiert d'Regierung sech e regionalen Zentrum fir d'Pompjeeën an d'Protection civile ze bauen. Si engagéiert sech 50% bei e Kulturzentrum ze ginn. Bon, eleng doriwwer mengen ech kënnt een diskutéieren, ob dat ëmmer esou üblech ass, dass dat esou leeft.

Mä et sinn awer eigentlech zwou aner Saachen, déi mech interesséieren. Déi éischt Fro, déi ech wëllt stellen, wier folgend: Wéi eng Landesplanungskritäre leien zu Gronn fir dës Décisioun? Wann een de Plan directeur hëlt, dee mer viru kuerzem hei diskutéiert hunn, wou souwäit ech weess jo och keng Änderunge méi vu Regierungssäit solle kommen, da fënnt ee ganz vill Ënnerzentren am Land, mä Mamer doudsécher net. Am Westen ass éischter Stengefort als dezentraliséierten Zentrum virgesinn. Dofir, wat sinn d'Iwwerleeungen, wat steet hannendrun, firwat kënnt dës Schoul, wat sécherlech e groussen Impakt wäert hunn, och op d'Entwécklung vun där Gemeng, op Mamer an net an eng Uertschaft, déi soll ganz bewosst entwéckelt ginn?

Déi zweet Fro ass folgend: An deenen Engagementer sinn och zwee Contournementer fir Mamer virgesinn, wou d'Regierung sech engagéiert eng Kéier méi kuerzfristeg e Contournement nördlech vu Mamer a méttelfristeg e Contournement südlech vu Mamer ze maachen, an dat huet mech awer ganz staark iwwerrascht.

Ech sinn ee vun den Delegéierte vum Syvicol an den Diskussioune vum IVL, an ech muss lech ganz éierlech soen, ech froe mech wat ech an aner Leit do sëtze maachen a mat Fachleit iwwer Verkéier a Landesplanung diskutéieren, wa parallell dozou d'Regierung, ier eigentlech d'Konklusioune vum IVL um Dësch leien, schonn erëm Décisiounen hëlt an Engagementer hëlt fir nei Stroossen ze bauen? Dofir wollt ech froen, wéisou et zu dësen zwee Contournement komm ass a wéi d'Madame Ministesch awer dann nach de Sënn vun engem IVL gesäit, wa mer net ofwaarden? Déi Konklusioune solle jo am Hierscht op den Dësch kommen, dass mer eis wéinstens esou laang enthalen ëmmer erëm nei Engagementer ze huele wat de Strossebau ubelaangt.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Bauteminister Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, d'Analys vun de Wunnuerte vun den Europabeamten ausserhalb vun enger méiglecher Implantatioun vun der Europaschoul um Kierchbierg huet erginn, datt zwee Siten a Fro komm wieren. Dat eent wier Nidderaanwe gewiescht, dat anert dat wier Mamer gewiescht an d'Regierung ass Demandeur gewiescht bei der Gemeng Mamer fir dës Implantatioun zu Mamer ze maachen.

Et ass gewosst, datt mer ënner Drock stinn, an datt mer vis-à-vis vun den Europabeamten an der Flicht stinn, fir hei ganz schnell eng Léisung ze fannen a vu datt et eng Bereetschaft gouf vun der Gemeng Mamer fir dës Europaschoul opzehuelen, a vu datt et och méiglech ass am Kader vun deenen Aménagementer, déi beim Lycée Mamer gemaach si ginn, dat doten anzebetten an déi respektiv Quartieren, hu mer dem Wonsch vun der Gemeng Mamer noginn, fir do iwwer Konventioun eng Partie Saache festzehalen. Dat wëllt awer net soen, datt net do eng Partie Saache souwisou mat der Gemeng Mamer gelaf wieren, an zwar all déi Stroossenaarbechten, déi am Zesummenhank mat der Implantatioun vun der Schoul sinn an dann awer och déi Aarbechten, déi noutwendeg sinn, fir datt de Verkéier, deen zu Mamer jo scho schwiereg genuch ass, net komplett zesummebrécht. Et soll ëmmerhin eng Schoul ginn, wou 3.000 Schüler dra kommen. Dat ass e Verkéieropkommes wat jo zimlech schwiereg ass.

Wa meng Erënnerung gutt ass, dann hu mer déi doten Implantatioun beim Plan sectoriel „lycées" mat virgesi gehat an dann hu mer där och an allen aneren Aarbechte Rechnung gedroen, zumindest hoffen ech dat, well soss wier jo dat Riederwierk, wat mer mam IVL wëllen an der Vernetzung vun der Erschléissung vun deene verschiddene Gebidder vun eisem Land erschaffen, net konsequent.

Dat gesot, sinn eng Partie Punkten an där Konventioun, déi awer duerchaus normal Relatiounen tëschent Stat a Gemeng sinn, wéi zum Beispill de Kulturzentrum, d'Participatioun vu 50% um Kulturzentrum, an dat ass de Maximum, deen d'Regierung bei regionale Kulturzentre bäigëtt. Wat elo deen nationalen Interventiounszentrum vun de Pompjeeën ugeet, do hat ech gemengt den Innenminister esou ze verstoen, datt hien dat och an der Gemeng Mamer, vu d'Importenz vun där Gemeng, déi se mëttlerweil kritt huet, géif ugepasst fannen, an ech denken hei sinn an där Konventioun keng Saache festgehalen, déi net souwisou am normale Stroossebauprogramm oder an deem Programm, deen d'Implantatioun vum Lycée betrëfft, direkt eppes domadder ze di gehat hätten.

M. le Président.- Mir kommen zur Fro Nummer 322 vum Här Xavier Bettel un de Justizminister iwwert d'Sécherheet am Schraasseger Prisong. D'Wuert huet den Här Bettel.

- Question N° 322 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Xavier Bettel au sujet des systèmes de sécurité au Centre pénitentiaire de Schrassig, adressée au Ministre de la Justice

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dës Kéier war ech net am Prisong agespaart, mä ech krut matgedeelt, dass de Blëtz ageschloen hätt e Sonndeg- oder e Samschdegowend am Prisong, an dass vun deem Moment un de ganze System vun der Ouverture vun den Diere blockéiert war. Dir wësst jo, et sinn do Sasen. Dës Kéier sinn net d'Dieren annerhallef oder eng Stonn blockéiert, mä et ass ganz einfach, dass déi Schell, déi ee muss aktivéieren, fir dass eng Kamera uspréngt, fir dass e Giichtchen och gesäit, dass een do steet, ob dat elo e Visiteur oder en Affekot ass, futti ass. Dat heescht, am Moment huet de Giichtche fënnef Tëleën, wou hie mat engem Rhythmus vun all zwou Minutten drop kënnt. Wann ee keng Chance huet, da muss een zéng Minutte virun enger Dier sprangen a Kaméidi maache bis endlech e Giichtchen een op enger Kamera gesinn huet fir eng Dier opgemaach ze kréien.

Dat ass och fir d'Visiteuren a fir d'Giichtercher, wann déi sech gären déplacéieren, eraus ginn an den Haff mat den Détenuen esou, mussen si iwwer Funk fir all eenzel Dier an d'Zentral funken, fir ze soe bei wéi enger Dier se sinn a wou se sinn.

Här Minister, ech hu gesot kritt de Blëtz hätt ageschloen. Ech hat zwar keen Donnerwieder e Samschdeg oder e Sonndeg matkritt. Mä wat ass dann do geschitt? War e Wieder oder wat waren d'Ursaachen? Wéi laang kann dat daueren? Eng oder oder zwou Stonnen? Et sinn elo schonn zwee Deeg hier an elo fänke mer den drëtten Dag un, wou déi Problemer sinn. Mengt Der net, Här Minister, datt et Zäit wier eng Kéier de Système électronique vun deem ganze Prisong nozekucken a vläicht ze änneren. Ech hunn d'lescht Woch keng Question parlementaire gestallt, mä nach eng Kéier waren d'Dieren annerhallef Stonn blokkéiert.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, ech muss dëst Parlament eng zweete Kéier de Mëtten enttäuschen, well ech bekëmmere mech jo als Justizminister ëm ganz villes, mä ech kann lech awer wierklech net soen, ob an iergendengem Gank zu Schraasseg…

***(Interruptions)***

…e Knäppche geet oder net geet.

***(Hilarité)***

Wann ech et och nach géing wëssen, da mengen ech ass et net utile, datt mer op öffentlecher Plaz soen, wat fir ee Knäppche geet a wat fir een net geet.

***(Hilarité)***

Ech wëll hei awer dem Parlament soen, datt ech op Nofro hi gesot kritt hunn, datt sämtlech Sécherheetsdispositifen: Kameraen, Dieren, déi mussen zou sinn, alles esou fonctionnéiert, datt d'Sécherheet absolut garantéiert ass. An iwwert alles anescht, Här Bettel, bieden ech lech mech ze entschëllegen, mä ech bekëmmere mech net all Dag ëm all Schrauwen, déi am Prisong mussen agedréint ginn. Domadder soen ech dat net geringschätzeg fir déi Leit, déi sech dorëm musse bekëmmeren, mä dat ass net an der normaler Aufgab vum Justizminister.

Eis Aufgab ass et ze kucken, datt de generellen Dispositif fonctionnéiert. Mir hunn Instruktioune gi fir dat doten nozekucken, ech huelen och un, datt déi technesch Servicer dorunner um schaffe sinn, mä ech wëll hei nach eng Kéier confirméieren, de generelle Sécherheetsdispositif zu Schraasseg fonctionnéiert voll, och haut.

Merci.

M. le Président.- Mir kommen zur Fro Nummer 323 vum Här Mars Di Bartolomeo un den Här Budgetsminister iwwert d'Käschte bei Bankiwwerweisungen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

- Question N° 323 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo au sujet de la prise en charge des frais bancaires lors de virements aux ayants droit de prestations de l'Etat, adressée au Ministre du Trésor et du Budget

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, zënter dem 1. Juli vun dësem Joer verrechnen d'Banken hei zu Lëtzebuerg nei a menger Meenung no iwwerdriwwen héich Iwwerweisungskäschten un hir Clienten. Dës nei Belaaschtung vum Konsument gëtt mat den europäeschen Direktiven erkläert, no deene fir Auslandsiwwerweisungen an der EU net méi héich Tariffer däerfen applizéiert gi wéi bei den Inlandsiwwerweisungen.

Bis elo waren hei zu Lëtzebuerg d'Inlandsiwwerweisunge gratis an d'Iwwerweisungen an d'Ausland, déi hunn eppes kascht, wat engem och aliicht. No den europäeschen Direktiven haten d'Banken hei zu Lëtzebuerg de Choix alles gratis ze maachen oder alles zu den Auslandstarificatiounen ze maachen. Si hu wäit gehendst déi zweet Solutioun geholl, dat heescht d'Inlandsiwwerweisunge méi oder manner alignéiert op dat wat bei Auslandsiwwerweisunge gefrot ginn ass.

Well de Stat, well d'Krankekeesen, well d'Assurances sociales, well d'Kannergeldkeess, de Fonds national de solidarité un hiert Personal, un hir Administréiert oder un hir Assuréen all Joer Milliounen a Millioune Virementë maachen, wollt ech dem Minister d'Fro stellen, wien déi Käschte bezilt.

An der heiteger Praxis konnt ech keng schlësseg Äntwert dorop fannen, well de Stat bis elo, och wann d'Clientë bei enger anerer Bank waren déi net mam Stat zesummegeschafft huet, sengen Administréierten dat net verrechent huet. Datselwecht war bei de Krankekeesen, déi mat fënnef Banken zesummeschaffen, a wann ee bei enger anerer Bank war, huet een dat net verrechent kritt. Aneschters erëm bei de Pensiounskeesen, do hunn d'Assuréen et verrechent kritt. Aneschters och bei der Kannergeldkeess, wou d'Clienten, wou déi Assuréiert dat verrechent kréien.

Dat heescht also, beim Stat a bei de parastaatlechen Instituter ginn aner zum Deel verschidden Direktiven a Formelen applizéiert, an dofir wollt ech d'Fro un de Minister stellen. Wien dréit d'Käschte bei der Iwwerweisung duerch de Stat, parastaatlech Instituter, Assurances sociales, deen, deen iwwerweist, esou wéi dat jo bei de private Clienten de Fall ass, oder deen, deen d'Iwwerweisung kritt?

An da wollt ech vum Minister wëssen, ob, wann hien eng schlësseg Äntwert dorop huet, hie Kreditter virgesinn huet am Statsbudget fir 2003 an och am Statsbudget fir 2004 a wéi d'Ausmooss da vun deenen Kreditter wäert sinn.

Ech soen lech merci.

## 5. Ordre du jour

M. le Président.- Kolleeginnen a Kolleegen, ier mer dem Här Minister d'Wuert ginn, wëll ech nach eng Kéier drop opmierksam maachen, well eng ganz Partie Kolleegen a Kolleeginne mer gesot hunn, dass se haut de Mëtten dem verstuerwene Kolleeg Georges Margue déi lescht Éier erweisen, ass de Virschlag gemaach ginn, d'Votë vun deene Projeten, déi mer de Mëtten hei ofstëmmen, un de Schluss vun der Sitzung ze reportéieren. Ass d'Chamber domat d'accord?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert. Da gi mer d'Wuert un den Här Minister Luc Frieden.

## 6. Heure de questions au Gouvernement (suite)

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Jo, Här President, fir op d'Fro vun dem Här Di Bartolomeo ze äntwerten, esou ass et beim Stat net anescht an der Regel wéi tëschent zwee Privatleit. Wann ech dem Här Di Bartolomeo als Privatmann e Virement géing maachen, dann ass den Débiteur, an deem Fall sinn ech dat, deen, dee Virementskäschten a Käschte gestallt kritt, à supposer datt mer op zwou verschiddene Banke sinn, a meeschtens, wann ee bei deenen nämlechte Banken ass, da ginn, beim elektronesche Virement op d'mannst, keng Käschte gestallt.

Am Kloertext also heescht dat, no mengem Beispill, fir dorobber opzebauen: Wann de Stat e Virement un e Bierger hei am Land mécht, da bezilt de Stat déi Käschten, déi him als Débiteur vu senger Bank facturéiert ginn. Et ass mir keng Bank bekannt, déi och dem Créancier, also deem, deen d'Sue kritt, géing Käschte facturéieren. Wann dat de Fall wär, mä ech mengen dat gëtt et net, op d'mannst net am Land, dofir maachen ech déi Restrictioun, da misst de Créancier déi Sue bezuelen. Mä d'Leit, déi Kannergeld zum Beispill kréien, déi bezilt de Stat an et ass…

***(Interruptions)***

…dem Stat seng Bank, déi dem Stat d'Käschte facturéiert, wann da Käschten ufalen. Et ass also net deen, deen d'Sue kritt, dee muss bezuelen, mä de Stat.

Wa Suen an d'Ausland iwwerwise ginn, wat ganz vill de Fall ass, notamment bei Pensiounen an esou, an d'Bank vum Créancier, vun deem, deen d'Suen also kritt, Käschten ophieft, déi an deem Land applicabel sinn, dann dréit de Stat déi net. Well de Stat bezilt do nëmme seng Käschten als Débiteur bei senger Bank.

Déi zweet Fro, déi den Här Di Bartolomeo gestallt huet, kann ech net an deem Sënn beäntwerten, well doduerch datt eng ganz Rei Paiementer, déi mer an d'Ausland maachen, elo vill méi bëlleg ginn duerch deen neie Modus, an duerch de Fait, datt ganz vill Leit hir Konte bei der Post oder bei der Spuerkeess hunn, dierft dat hei fir de Stat kee gréisseren, supplémentairë Käschtepunkt ginn. Well, wéi gesot, nach eng Kéier, mir kënnen net all d'Paiementer kucken, mä dat sinn awer fir de Gesamtmontant manner Käschte wéi wa mer an d'Ausland iwwerweisen an, wéi gesot, wéinst deene ville Leit, déi bei staatleche Banken hir Suen hunn, wou also och de Stat selwer seng Suen huet, gëtt et héchstwahrscheinlech e Käschtepunkt, mä deen awer bei déi aner Frais bancaires kënnt, déi de Stat huet, wat also am Budget keen immens groussen Nidderschlag wäert hunn.

Mä déi Haaptfro, an ech mengen et ass och déi, déi d'Leit interesséiert: Wann de Stat e Virement mécht, da bezilt déi Virementskäschten, déi mer elo alleguerte kennen, de Stat an déi bezilt net deen, deen de Virement kritt huet, well dat Débiteurskäschte sinn.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 324 vum Här Claude Meisch un de Statssekretär am Environnement iwwert d'Journée an d'Stad ouni Auto. D'Wuert huet den Här Claude Meisch.

- Question N° 324 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Claude Meisch au sujet de l'organisation de la journée « En ville sans ma voiture 2003 », adressée au Secrétaire d'Etat à l'Environnement

M. Claude Meisch *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer jo wësse war am Laf vun deene leschte Joren all Kéiers den 22. September déi Aktioun « an d'Stad ouni mäin Auto », wou hei am Land och eng ganz Rei vu Gemenge matgemaach hunn, wat eng Aktioun ass, déi vun der europäescher Kommissioun ausgaangen ass an dofir eben och an anere Länner matgemaach ginn ass.

Dëst Joer soll et esou sinn, datt déi Aktioun net den 22. September soll stattfannen, mä datt et op der éischter Säit eng ganz Woch soll sinn, wou ähnlech Aktivitéite kënne stattfannen, nämlech eng Semaine de la mobilité a woubäi dann d'Journée en ville sans ma voiture op dee Sonndeg, deen an déi Woch fält, deen déi Woch ufänkt, soll organiséiert kënne ginn.

Meng Fro ass u sech déi heiten, ob Lëtzebuerg an deem dote Kontext matmécht, wéi dat ausgesäit, wéi et u sech hei geplangt ass, wat scho konkret geplangt ass an ënner wat fir enger Responsabilitéit, datt déi doten Aktioun hei wäert am Joer 2003 zu Lëtzebuerg stattfannen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Statssekretär Eugène Berger.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass richteg wéi den Deputéierte Claude Meisch et gesot huet, datt an de leschte Joren op Initiativ vun der EU-Kommissioun och hei zu Lëtzebuerg en autofräien Dag op volontärer Basis organiséiert ginn ass. D'Zil vun deenen Deeg ass virun allem ëmmer gewiescht, fir d'Leit opmierksam ze maachen op déi Problematik, déi eben duerch den zouhuelende Verkéier op d'Leit zoukënnt.

Et muss een och soen, datt an deene leschte Jore Lëtzebuerg ëmmer matgemaach huet, dat heescht méi prezis, verschidde Gemenge matgemaach hunn, well déi Aktioun riicht sech virun allem un d'Gemengen, mat méi oder wéineger groussem Erfolleg. Besonnesch d'lescht Joer war e relativ groussen Erfolleg. Mir haten eng ILReS-Ëmfro maache gelooss, wou ronn 500 Leit gefrot gi sinn an d'lescht Joer hu 85% vun de Leit sech favorabel zu deem Dag ausgeschwat an och gesot, datt se sech bewosst wieren ëm wat et géif goen an 72% vun de Leit hunn d'lescht Joer gesot, datt se ënner iergendenger Form matgemaach hunn. Dat heescht den Auto stoe gelooss hunn, tout en sachant, datt dat op e Sonndeg gefall ass.

Et muss een awer bemierken, well et ass gefrot ginn, wien organiséiert dat, ënner wat fir enger Responsabilitéit, datt déi Aktioune sech, an dat ass och d'Iddi vun der europäescher Kommissioun gewiescht, un d'Gemenge riichten, an datt si sollen d'Initiativen huelen. De Rôle vum Ministère besteet doranner fir ze sensibiliséieren, fir op déi Aktiounen opmierksam ze maachen, eventuell déi eng oder aner Saachen ze koordinéieren.

Effektiv ass et esou, datt dëst Joer d'Kommissioun eppes Neies proposéiert, eng sou genannte „Semaine de mobilité", kombinéiert mat dem Dag „en ville sans ma voiture" an d'Fro ass gestallt ginn, mécht Lëtzebuerg mat oder maachen d'lëtzebuergesch Gemenge mat bei där ganzer Woch oder just bei engem Dag?

A fir déi Fro kënnen ze beäntwerten hu mer am Februar dëst Joer eng Réuniouon organiséiert mat all méigleche concernéierten Acteuren. Do waren dobäi, natierlech den Ëmweltministère, den Transportministère, d'Klimabündnisgemengen, d'Stad Lëtzebuerg, Esch, Diddeleng, de städtesche Busdéngscht, den TICE, RGTR, d'FLEA, dat ass de Groupement vun de Busentreprisen, eng ganz Rei ONGen, Gewerkschaften, d'Chambre de Commerce, all déi Leit souzen zesummen un engem Dësch, fir sech ze iwwerleeë wat een dann dëst Joer kënnt maachen.

Eng Rei Variante sinn diskutéiert ginn. D'Konklusioun vun där Réuniouon war déi, datt ee géif d'Gemengen invitéiere fir un där ganzer „Semaine de mobilité", deelzehuelen. Dat heescht, do kann ee Workshopen organiséieren, Tables rondes, een Dag wou méi fir de Vëlo Reklamme sinn, en aneren Dag fir zu Fouss ze goen an esou weider, an dat am Kader vun där ganzer Woch, wou een Dag den autofräien Dag wier.

Opgrond vun där Propositioun vun deem ganze Grupp ass gesot ginn, och eben aus deene Schwieregkeeten, déi dat an deenen anere Jore mat sech bruecht huet, respektiv déi Succèsen, déi et d'lescht Joer hat, vläicht net, datt jiddereen 100%eg domadder d'accord war oder 100%eg dovunner begeeschtert war, fir dann innerhalb vun där Woch een Dag, besonnesch den 21. September, dann och deen autofräien Dag natierlech op Basis vu Fräiwëllegkeet ze organiséieren, wou dann och den öffentlechen Transport gratis wier.

Da wëll ech nach eng Kéier preziséieren, well dat ass deelweis scho falsch dobaussen duergestallt ginn, datt dat d'Konklusioun vun engem Aarbechtsgrupp ass. Dat ass net eng Décisioun, déi de Statssekretär vum Environnement imposéiert huet oder unilateral décidéiert huet. Dat kann hien och guer net, well nach eng Kéier, hei mussen d'Gemenge Propositiounen eraginn. Mir hunn och an deem Sënn d'Gemengen ugeschriwwen, fir hinnen ze soe wéi dat dann dëst Joer géif gemaach ginn an da mussen d'Gemenge Propositiounen eraginn.

Ech ka just feststellen, datt mer en Délai gesat hate bis de Juni, fir datt d'Gemengen eis solle Propositiounen eraginn, ob se matmaachen, bei wat se wëlle matmaachen an esou weider, an datt mer nach net ze vill Retouren hunn. Dofir profitéieren ech hei vun der Tribün, hei sëtze jo eng Rei Gemengepolitiker, fir wann déi eng oder aner Gemeng wëllt matmaachen a si huet e Programm, datt se eis dat da wierklech mat Zäiten eragëtt, fir datt mer och eng gewësse Koordinatioun kënne maachen, och wa mer déi Saachen net organiséieren. Mir koordinéieren se, mir maache Reklamm dofir op eisem Internetsite. Eventuell musse mer och bei Ponts et Chaussées an Transport déi eng oder aner Saachen da koordinéieren an en Aarbechtsgrupp asetzen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Déi lescht Fro, d'Fro Nummer 325, kënnt vum Här Georges Wohlfart a riicht sech un d'Bauteministesch iwwert d'Marchés publics.

D'Wuert huet den Här Georges Wohlfart.

- Question N° 325 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Georges Wohlfart au sujet des marchés publics, adressée au Ministre des Travaux publics

M. Georges Wohlfart *(LSAP).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nom Abroch am Finanzsecteur virun eppes méi wéi engem Joer ass et esou, dass och an der Baubranche hei zu Lëtzebuerg e

gewëssene Réckgank ze verzeechnen ass, och wann een dat net soll dramatiséieren, mä awer mengen ech, d'Suerg vun den Entrepreneuren, virun allem déi kleng a mëttel Betriber ënnert hinnen, déi nach Opträg ze maachen hu vu ronn zwee Méint, huet dozou gefouert dass si, Madame Minister, viru ronn véier Méint bei lech virgeschwat hunn, fir ze kucke wéi d'öffentlech Hand da kënnt do aktiv ginn, fir deene Betriber iergendwéi entgéint ze kommen.

Wann ech gutt verstanen hunn, hutt Der Versteesdemech gewise fir d'Uleies vun de Betriber, andeem dass Der d'Propositioun gemaach hutt, wann ech dat elo richteg erëmginn, wat ech héieren hunn als Informatioun, dass soll versicht ginn op där enger Säit méi grouss Bauprojeten op der Zäitachs ze strecken an op där anerer Säit dann ze versiche méi kleng Projete virzehuelen, wou jo dann och kënnten déi kleng a mëttel Betriber bei de Soumissioune matmaachen.

Meng Froen an deem Kontext, Madame Minister, sinn déi heiten:

1. Wa mer schwätze vun den Aktivitéite vum Stat bei de Marchés publics, schwätze mer dann och elo net nëmmen Héichbau? Betrëfft dat och den Déifbau? Ass et esou, dass wa gréisser Projeten zréckgesat ginn, do muss ee jo dann och selektiv virgoen, well ech ka mer kaum virstellen, dass mer zum Beispill bei groussen internationale Projeten, wat zum Beispill de Site Lëtzebuerg ugeet als Institutioun, fir nëmmen un d'Cour de Justice ze erënneren, do si mer jo awer zäitlech gebonnen.

2. Ech wollt also wësse wat fir gréisser Projeten do an d'Ae gefaasst ginn a wa mer vu méi klenge Projete schwätzen, wëll ech net am Detail haut de Mëtteg wësse wat fir eng et sinn, mä ech mengen, et sinn der dobäi, déi no dem Marchés-publics-Gesetz awer eng gewëssen Envergure hunn, ob Der ons kënnt soen u wat fir Projeten Der do geduecht hutt.

3. Eng drëtt Saach, déi fir d'kleng a mëttel Betriber wichteg ass, dat ass, wann et méiglech ass, och eng regional Komponent, well Dir sidd jo mat mir der Meenung, dass méi kleng Betriber aus dem Éislek net onbedéngt eppes dovun hunn, wann am Süden eppes geschitt an ëmgedréint ass et och de Fall.

Dat wieren déi dräi Froen, déi ech der Madame Minister wollt stellen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Bauteminister Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dem honorablen Här Wohlfart seng Fro huet e puer Voleten. Ech géif fir d'éischt op d'Soumissiounen, déi d'kleng a mëttel Betriber betreffen am Kader vum Héichbau agoen. Do ass et net d'Impressioun, déi bei der Soumissiounskommissioun virherrscht, datt et eng Dénivellatioun gëtt, datt et manner Commandë gëtt, au contraire. Well gewéinlech wann d'Commandëbicher net voll sinn, da sinn d'Präisser och deementspriechend niddreg.

D'Soumissiounskommissioun stellt awer just de Géigendeel fest, well si gëtt méi wéi eemol domat befaasst fir Soumissiounen ze écartéieren, déi exzessiv Präisser ubidden a wou dAdjudicateuren dann dergéint opponéieren. Dat anert géif éischter undeiten, datt d'Präisser méi niddreg wieren, sollten d'Commandenhefter net méi esou voll sinn. Ech weess awer net, ob dat konjunkturell bedéngt ass a mat der Period vun der Summervakanz, déi elo op eis duer kënnt, ze dinn huet.

Wat de Stroossebau ugeet, ass de Problem e bësse méi komplex, well esoulaang wéi genuch Aarbecht op deene klengen a mëttlere Stroossen, wou jo och d'Gemengen eng grouss Roll spillen an e grousse Potenzial vun Aarbechten duerstellen, eleng fir déi méi kleng Entreprisë virbehale waren, gouf et kee Problem, a vu datt awer elo eng Partie gréisser Chantieren amgaange sinn auszelafen, ginn dann natierlech gréisser Entreprisen och op déi Marchéë vun deenen, déi soss deene méi klenge virbehale waren.

De Bauteministère huet sech beméit fir am Laf vum Joer e Maximum vun Aarbechten op de Maart ze geheien. Dat huet natierlech dozou gefouert, datt elo eng ganz Partie Chantiere matenee komm sinn, an datt mer dat dann als Virworf gemaach kréien, well een e bëssen d'Impressioun huet op alle Stroosse wiere Chantieren. Dat huet awer dem Bau, mengen ech, iwwer eng Period ewechgehollef, déi schonn entscheedend war.

Wat d'Verdeelung vun de Projeten ugeet an eng Ännerung vun de Prioritéiten, wäerte mer bei Geleeënheet vum Budget nach driwwer ze schwätze kréien. Ech denken, datt et ganz besonnesch méi kleng Aarbechte sinn an notamment och där, déi net iwwert de Bauteministère ofgewéckelt ginn, mä zum Beispill iwwer Sites et Monuments, déi besonnesch de klengen a Lëtzebuerger Entreprisë kënnen Aarbecht verschafen, falls déi Kreditter do vum Fong vun de Sites et Monuments och genuch dotéiert ginn, wou mer jo beim leschte Budget en zimleche Réckgank ze verzeechnen haten.

Dat gesot, géif ech an der leschter Analys dann awer nach drop hiweisen, datt d'Bautätegkeet vum Stat net ofhëlt, an datt mer wëlles hunn eis Investitiounsquot ze halen, fir datt eise Bau och viru gutt fonctionnéiere kann a mat der Bautätegkeet, déi mer och nach op den Industriebroochen deemnächst an d'Wee leeden, denken ech, datt de Volume esou ass, datt fir all Lëtzebuerger Entreprisen Aarbecht do wäert sinn.

Eng aner Verbesserung dierft mat der A-Kraaft-Triedung vun deem neie Soumissiounsgesetz kommen, wou mer jo d'Méiglechkeet hu fir iwwer Marchés de gré à gré ganz geziilte Betriber ze bedéngen, wou mer eis d'Montanten erhéicht hunn an d'Seuilen erhéicht hunn, dat gëllt och fir d'Gemengen, esou datt ech denken, wann den 1. September dat neit Marchésgesetz bis a Kraaft ass, da wäerte sech do des Weideren eng Partie gutt Perspektive fir déi Lëtzebuerger Betriber erginn.

M. le Président.- Domadder wär d'Froestonn ofgeschloss. Den Här Di Bartolomeo freet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Entschëllegt, Här President, et ass net Usus hei, dass een no der Froestonn nach d'Wuert ergräift. Ech wollt awer just soen, dass den Här Finanzminister, oder respektiv den Här Budgetsminister sech gëiert huet, mat der Interpretatioun wéi dat soll a muss si bei de Fräe vun de Virementen.

Et ass ganz kloer esou, dass bei der Kannergeldkeess d'Direktiv eraus ass, dass déi Fräen à charge du destinataire sinn, an ech bieden dann den Här Budgetsminister dat bei der Caisse des allocations familiales nozefroen. Do gëtt sech op d'Direktiven, op d'Texter vun der Pensiounskeess beruff, dass dat à charge du destinataire wär, an ech fannen éierlech gesot, Här President, schonn d'Affär vun de Virementen eppes wat schwéier zouzemudden ass, an ech fannen déi Interpretatioun nach vill méi schwéier zoumuttbar, an ech géif dann och d'Regierung bieden dat do nach eng Kéier nozekucken.

Ech soen lech merci fir de Versteesdemech, dass ech dat do awer hunn dierfe soen.

M. le Président.- Leider ass den Här Budgetsminister elo net méi hei, fir direkt dozou Stellung ze huelen. Mir hu Kenntnis geholl vun deem wat Der gesot hutt, a wäerten dat deementspriechend nokucke loossen. D'Heure de questions wär domadder ofgeschloss.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5102 iwwert d'Erriichte vun engem Gebai fir de Centre de recherche public Henri Tudor an de Centre de technologie de l'éducation. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Schroell a Greisen. D'Wuert huet elo d'Berichterstatterin vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein.

## 7. 5102 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un bâtiment pour le Centre de Recherche Public Henri Tudor et le Centre de Technologie de l'Education à Luxembourg-Kirchberg

***Rapport de la Commission des Travaux publics***

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 26. Mäerz huet d'Madame Hennicot, Minister vun der Kultur, vum Enseignement supérieur a vun der Recherche, de Projet de loi Nummer 5102 iwwert d'Adaptatioun vum Budget fir d'Konstruktioun vum Centre de recherche public Henri Tudor a vum Centre de technologie de l'éducation um Kierchbierg déposéiert. Den 21. Mee 2003 hunn d'Membere vun der parlamentarescher Kommissioun dëse Projet presentéiert kritt, an den 18. Juni 2003 huet d'Kommissioun den Avis vum Statsrot vum 3. Juni analyséiert. De Rapport, deen hei virläit, ass vun der Kommissioun de 25. Juni analyséiert an och ugeholl ginn.

D'Gesetz vum 17. Juli 1997 huet d'Konstruktioun vun engem Centre de recherche public Henri Tudor a vum Centre de technologie de l'éducation um Kierchbierg bestëmmt. Et war ursprünglech virgesinn, dass d'Ausgaben d'Zomme vun 11.279.155 Euro, oder 455 Milliounen där aler Lëtzebuerger Frangen, net iwwerschreide sollten. Den Devis estimatif vum 1. Oktober 1996 hat ënner anerem Equipementer fir 545.365 Euro, dat heescht 22 Millioune Lëtzebuerger Frang virgesinn. Mä dës Estimatioun war zu deem Zäitpunkt nëmme virgesi fir d'Equipements fixes an net fir déi elektresch an elektronesch Apparater.

D'Regierung erënnert drun, dass den éischten Equipement iwwert de Statsbudget vun der Recherche gaangen ass. Mä well dës Approche vun 1996/1997 net méi am jëtzege Budget virgesinn ass, soll dëse Projet de loi de Wëlle vun der Regierung respektéieren an hëllefe fir méi Transparenz ze schafen. D'Regierung kritt duerch dëse Projet de loi d'Méiglechkeet de Budget esou ze adaptéieren, fir déi mobil an elektronesch Equipementer ze kafen, déi nun eemol wichteg si fir de Fonctionnement vum CRP an och vum Centre de technologie de l'éducation. D'Ausgaben heifir sinn op 2.466.693 Euro évaluéiert ginn.

D'Equipementer, déi gebraucht ginn, loosse sech an dräi Kategorien andeelen. Et sinn dat Miwwelen a Still, elektrescht Material fir d'Réseauen an d'Sécherheet a Multimedia-Material fir d'Konferenzsäll an d'Réuniounssäll.

Véier Stäck vum Gebai sinn als Büroe fir déi 150 Collaborateure geduecht, an um Rez-de-chaussée wäerte Säll hikommen, déi bis zu 200, 225 Leit kënnen emfänken.

De Statsrot huet ervirgehuewen, dass an dem aktuelle wirtschaftleche Klima et ubruecht wier, fir méi Rigueur an Transparenz un den Dag ze leeën. Dofir hofft hien och, dass dës nei Estimatioun elo korrekt ass, an dass de Käschtepunkt fir déi mobil an elektronesch Equipementer d'Zomm vun 2.466.693 Euro net iwwerschreiden däerf. De Statsrot huet sech ganz positiv zu dësem Projet de loi ausgeschwat an huet virgeschloen den Titel vum virleiende Projet op de Gesetzestext vum 19. Juli 1997 ze adaptéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamberkommissioun huet dëse Projet ugeholl an hirer leschter Sitzung, an ech géif lech bieden datselwecht ze maachen an och de Projet ze stëmmen, a vun hei aus kann ech elo schonn den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, mir stëmme selbstverständlech dëse Projet, well mer iwwerzeegt sinn, dass et wichteg ass dem CRP Henri Tudor gutt Konditiounen ze gi fir ze schaffen. Mir fannen och, dass dësen Equipement deem entsprécht wat deen CRP brauch, a mir hoffen, dass en domat nach besser Resultater kritt wéi en der bis elo schonn hat.

Merci.

M. le Président.- Als nächsten ass den Här Marco Schroell agedroen. Den Här Schroell huet d'Wuert.

M. Marco Schroell *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech der Madame Nelly Stein an hirer Qualitéit als Rapporteur, oder soll et Rapportrice heeschen, merci soe fir hiren detailléierte Rapport zu dësem Projet de loi. Erlaabt mer vläicht hei, wa mer scho bei grammatikalesche Considératioune sinn, fir op en Detail opmierksam ze maachen, an zwar dee vum Intitulé vun dësem Joer vun anere Gesetzesprojeten, esou liest een déi eng Kéier « Projet de loi relative à » an déi Kéier drop e « Projet de loi relatif à ». Et misst ee sech eigentlech eenegen, ob den Accord mat Projet oder mat Loi gemaach misst ginn.

***(Interruptions)***

Esouvill an dat just niewebäi zur Form.

Komme mer awer elo zum Fong vun dësem Gesetzesprojet iwwert déi budgetär Adaptatioun wat den Neibau vum CRP Henri Tudor a vum Centre de technologie de l'éducation um Kierchbierg betrëfft. Et geet hei drëms déi Zomm vu 455 Millioune Frang, deemno ronn 11 Milliounen Euro, déi viru sechs Joer hei gestëmmt gouf, no uewen ze réviséieren. Dëst soll geschéien, andeems nach knapp 2,5 Milliounen Euro derbäikommen.

Den CRP Henri Tudor, deen 1987 entstanen ass, huet als Objektiv déi technologesch Innovatioun esouwuel am private wéi am öffentleche Secteur ze promovéieren. Recherche an Développement, Transfert de technologie, technologesch Berodung an Hëllef gehéieren zum CRP Henri Tudor senger Palette vu Servicer an Aktivitéiten. Hei gëtt sech och op d'Beräicher Informatik a Multimedia konzentréiert. Erwähne muss een och den Technoport Schlassgoart zu Esch, eng Initiativ vum CRP Henri Tudor, eng sou genannte Pépinière d'entreprise fir Startup-Firmen.

Den Henri Tudor spillt deemno eng grouss Roll am Beräich vun der Recherche appliquée, grad ewéi déi aner Centres de recherche publics, de CRP Santé an de CRP Gabriel Lippmann.

Meng Fraktiounskolleegin Simone Beissel huet an hirer Interventioun am Kader vun der Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun dëst Joer op d'Wichtegkeet vun der Fuerschungsaarbecht ënnert anerem am Kader vun der Diversification économique higewisen.

Vergiesse mer awer net de Centre de technologie de l'éducation, e logistesche Service vum Educatiounsministère, wou déi technesch Ressourcen a Kompetenzen der öffentlecher Schoul zur Verfügung gestallt ginn.

Bei dësem Projet geet et méi spezifesch ëm de premier équipement, notamment wat den Informatikréseau, d'Sécherheetsmaterial an den Ameublement vum Gebai um Kierchbierg betrëfft. Villes dréit dozou bäi, dass d'Personal vum CRP Henri Tudor ënnert beschtméiglechen Aarbechtsbedéngunge ka schaffen. Dëst ass a mengen Aen och legitim.

E geréngen Deel vum Budget, deen hei virgesinn ass, soll och dozou dénge fir den Accueil vum Public méiglechst agréabel ze gestalten. Hei gëtt och net op esthetesch Considératioune verzicht, esou kann de Visiteur verschidde Konschtwierker am Atrium an am Trapenhaus bewonneren. Dat ass gutt esou, well och öffentlech Gebaier, an dozou gehéiert de CRP, sollen attraktiv an esthetesch ausgesinn. Kultur a Forschung solle sech net géigesäiteg ausschléissen.

Här President, ech géif dann och op dëser Plaz mech dem Statsrot senge Bedenken uschléissen, wat d'Rigueur am Handhabe vun eise Steiergelder betrëfft, zemools am Hibléck op manner roseg Zäiten, och wa meng Fraktioun hiren Accord selbstverständlech zu dësem Projet de loi wäert ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Fernand Greisen.

M. Fernand Greisen *(ADR)*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Gesetz vum 19. Juli 1997, also viru sechs Joer, huet dës Chamber de Bau vun engem Gebai um Kierchbierg fir verschidde Servicer vum Centre de recherche Henri Tudor an dem technesche Centre RESTENA gestëmmt.

Den ADR hat deemools der Virlag vun der Regierung zougestëmmt, well mir d'Noutwendegkeet vun engem neie Gebai fir dës Servicer agesinn haten. Et ass hei scho gesot ginn, deemools war eng Zomm vun 22 Milliounen aler Frang virgesinn, fir déi noutwendeg Ariichtungen. Nodréiglech sinn 100 Milliounen nogefrot ginn, fir verschidden Ariichtungsgéigestänn, wou eis vun der Regierung eng Lëscht virgeluecht ginn ass.

Wat den zousätzleche Käschtepunkt an d'Method fir Finanzéierung ubelaangt, si vum Statsrot eng Rei Bemierkunge gemaach ginn, no deenen d'Regierung schlecht ausgesäit.

Éischtens, zum zousätzleche Käschtepunkt, wann de Statsrot lakonesch seet, an ech zitéieren: „Le Conseil d'Etat espère que les dépenses sont maintenant correctement évaluées", dann heescht dat am Klortext, d'Regierung huet bis elo nach keng Ausgabe richteg am Viraus schätze kënnen. Dëst kënne mer nëmme bestätegen, wann een déi sëllechen nodréiglech Verbesserungen an zousätzlech Kreditufroe kuckt, déi bei all Bau, och bei anere Projeten, hei d'Regel sinn. Dobäi huet d'Verwaltung genuch Fachleit, déi dës Aarbecht och richteg fäerdeg kriten.

Mä do läit de Problem awer net. Wann déi zoustänneg Politiker, déi d'Soen hunn, sech net entscheede kënnen, wat se wëllen, wann dës Leit ëmmer erëm an den Oflaf vum Bau dra schwätzen, och wann e schonn amgaang ass, a wa kee vun hinnen de Courage huet en iw-

werdriwwene Wonschkatalog op seng richteg Gréisst ze stutzen, da wonnert et keen, wann herno esou e Bau ëmmer méi deier gëtt.

Et muss ee sech dat virstellen, amplaz ze spuere geet eis Regierung hin a wëllt mat dësem Bau, an ech zitéiere wat am Rapport vun 1997 steet: „…créer un cadre de travail agréable et convivial. Il est indiqué de soigner particulièrement les équipements qui en conditionnent la qualité“. Domadder kann een nach d'accord sinn. Dann : «…aménager un ensemble d'oeuvres expressionnistes d'un peintre luxembourgeois ornant l'atrium-café, constituant ensemble avec la terrasse du cinquième en plein air avec une table d'orientation pour profiter des vues intéressantes un attrait particulier pour le grand public et les passants».

Dem Statsrot seng Bemierkung doriwwer liest sech esou: „Le Conseil d'Etat ne peut approuver la démarche suivie par les autorités, parce qu'il lui manque à la fois la transparence et la rigueur indispensable à la gestion des deniers publics“.

De Statsrot erënnert dann och u fréier kritesch Bemierkungen, déi e scho bei anere Projete gemaach huet am Bezuch op d'Geldverschwendung, Bemierkungen, déi awer elo nach méi wouer si wéinst deene schlechten Zäiten an deene mer finanziell jo sinn.

En zweete Punkt ass d'Finanzéierung iwwert de System vun der Loi de garantie. Dat ass e verstoppten Emprunt, an domadder klëmmt d'Statsschold ëmmer méi héich. Eis Regierung misst eis emol eng Kéier eng Opstellung maachen, wat mer bis elo iwwert déi verstoppten Empruntë schëlleg sinn.

Den ADR gesäit awer an, dass dëse Centre de recherche muss funktionéieren, an dofir kënne mir jo net géint dat Gesetz stëmmen. Déi Aart a Weis, wéi dat awer zesummekomm ass a wéi dës Supplémente virgeluecht goufen, féiert derzou, dass mir eis beim Vote enthalen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wollt am Numm vun der grénger Fraktioun soen, dass mir selbstverständlech dëse Projet kënnen ënnerstëtzen, dee vun der Madame Stein hei virgestallt ginn ass.

Et si wuel vun enger Partie vu Virriedner dozou eng Rei vu kritesche Bemierkunge gemaach ginn, wéi elo nach zum Schluss vum Här Greisen wat d'Zu-Stane-Kommen dovunner ubetrëfft, mä wat den Inhalt ubelaangt an d'Noutwendegkeet dovunner, ass et kloer, dass mir dat kënnen ënnerstëtzen an och wäerte stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Bauteministesch Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt der Madame Stein merci soen an hirer Qualitéit als Presidentin vun der Kommissioun an als Rapporteur vun dësem Projet.

Mir si frou, dass hei konnt séier geschafft ginn, an ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, dass et sech hei net ëm en Depassement üblecher Natur handelt, wou et mat de Sue fir de Bau net duer gaange wär, et handelt sech hei ëm ganz geziilte Kreditter fir de premier équipement, well wéi dee Projet déi éischte Kéier virbruecht ginn ass vu mengem Virgänger 1997, do war virgesi fir de premier équipement dem CRP Henri Tudor ze iwwerloossen, an dat iwwer Dotation annuelle am Budget ze gewährleeschten. Dat ass awer laut där neier Budgetstechnik net méi méiglech an dofir hu mir de Wee gewielt fir en extra Projet de loi ze maachen, an domadden dann déi gesamt Investitioune fir de CRP Henri Tudor op 13,8 Milliounen Euro opzestocken, dat heescht fir den Equipement och direkt iwwert de Statsbudget kënnen ze finanzéieren.

Dat gesot, ass et wuel kee Muttwëll, dass an dësem Gebai och den Equipement mat der Zäit mat viru geet, an dass et déi Technologie vun där neister Gattung ass, déi hei erakënnt. Et sinn insgesamt Bürosraim fir 150 Leit. Mir wëssen, dass mer e Konferenzsall vun 250 Leit am Rez-de-chaussée hunn, dass des Weideren de Centre de technologie de l'éducation, dee virdrun am Schlass zu Walfer an éischter vétustë Raimlechkeeten huet missen onzäitgméiss funktioneieren, dass deen elo ka mat modernen Equipementer seng Aarbecht maachen. Alles dat ass eng Investitioun an nei Technologien an an d'Zukunft.

Ech wëll dann déi grondsätzlech Bemierkungen, déi erëm eng Kéier hei gemaach gi sinn, wat d'Berechnungen am Bâtiment public ugeet, formell zréckweisen, wou, wann Depassementer kommen zu engem Bauprojet, dat ëmmer esou dohinner gestallt gëtt, wéi wa falsch berechent gi wär. Esou laang wéi d'Chamber de Bauteministère net à même setzt, fir dass hie richteg Berechnunge ka maachen, solle mer och net hei gemassregelt ginn, wann déi Berechnungen herno net opginn.

Wourëms geet et? Mir ginn hei forcéiert fir Zuelen an d'Welt ze setzen, obwuel mer net a Kenntnis vun engem konkrete Bauprogramm sinn. Da sot emol engem Privatmann hie soll eng Gréisstenuerdnung an d'Welt setzen, wann hien emol net e konkrete Bauprogramm als Virgab huet, an dofir sinn natierlech ëmmer déi Diskrepanzen tëschent deenen Zuelen, déi an engem Budget pluriannuel opgefouert ginn, an tëschent deenen Zuelen, déi an engem Avant-projet sommaire, deen och oft nach wäit vun der Wourecht ewech ass, stinn. Mir sollen dach hei net mat gezénkte Kaarte spillen an dann ëmmer erëm Scholdzouweisunge maachen un déi Leit, déi hir Aarbecht esou gutt maache wéi se nëmme kënnen, déi awer opgrond vun net méi geneeën Donnéeën net anescht rechne kënnen.

Et ass dofir ubruecht, fir hei ganz kloer nach eng Kéier d'Fro opzewerfen, ob mer da wierklech keng aner Prozedur fir eis Bauprojete kënnen ugoen, a fir dann domadder och méi korrekt kënnen Angaben ze ginn, wat déi eenzel Gebaier solle kaschten. Jiddfereen, dee baut, weess, jee nodeem ëm wat fir e Gebai et sech handelt, dass Imprévuë kënne virkommen, an ech géif emol gären déi Gemeng gesinn, déi ee Bauprojet duerchzitt ouni Devis supplémentaire. Déi hätt jiddefalls e Präis verdéngt, an da wéisst een awer nach net, ob se net direkt am Ufank verschidde Bévueë mat aberechent huet, wat jo leschten Enns de Bau dann awer verdeiert.

Dat gesot, weisen ech och dat zréck, wann hei beanstant gëtt, et wären Deniers publics vergeut ginn, well mer Oeuvres d'art an e Gebai integréiert hunn. Mir hunn dat vun der Chamber gestëmmt kritt, an do gëtt et e Gesetz, an dat ass eng Base légale, déi am Gesetz vum Statut vum Artist 1,5% vun de Käschte vum Bau virgesäit fir Oeuvres artistiques.

Wa mer am Ausland kucke gi wéi Bauten do behandelt ginn, a wa mer iwwerhaapt an d'Vergaangenheet kucke gi wéi eis Virgänger esou Saache gehandhabt hunn, da kann ee soen, mir sollen eis hei awer och net enger moderner Konzeptioun vun engem Bau verschléissen.

Dat gesot, ass dëse Projet fir d'Recherche hei zu Lëtzebuerg vu grousser Wichtegkeet, well et deen éischte CRP ass, dee mat engem neie Gebai elo ka seng Aarbecht viruféieren. Deen nächste Projet, dee kënnt, wäert dee si vum CRP-Santé, well d'Regierung huet de Feu vert gi fir de Bauprojet vun engem neien CRP-Santé beim Centre hospitalier an d'legislativ Prozedur ze ginn.

An och um Fonds Belval gëtt un engem Neibau fir den CRP Gabriel Lippmann geschafft, esou dass mer am Laf vun den nächste Méint wäerten déi Projeten an d'Prozedur kréien, esou dass dann all eis dräi Fuerschungszentre mat neien Infrastrukture kënnen an Zukunft hir Aarbecht maachen, déi eng wichteg Aarbecht ass an déi och Unerkennung am Ausland fënnt, an déi eis eng nei Entwécklungsméiglechkeet gëtt an eisem eegenen ekonomeschen Tissu, an déi dofir justifizéiert ass.

Dat gesot soen ech der Chamber an allen Deputéierte merci, déi hir Stëmm zu dësem Projet ofginn.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen zum Schluss vun der Sitzung driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also of zum Schluss vun der Sitzung, an da kéime mer zur Diskussioun vum nächste Projet, an zwar handelt et sech do ëm d'Diskussioun vum Projet de loi 4954 iwwert d'Repressioun vum Terrorismus. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht.

Et hu sech schonn ageschriwwen den Här Mosar, déi Dammen Err a Beissel, den Här Jaerling, d'Madame Wagener an déi Häre Urbany, Bodry a Fayot.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer. Den Här Santer huet d'Wuert.

## 8. 4954 - Projet de loi portant

## 1) répression du terrorisme et de son financement

## 2) approbation de la Convention internationale pour la répression du financement du terrorisme, ouverte à la signature à New York en date du 10 janvier 2000

***Rapport de la Commission juridique***

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Objet vum Projet de loi 4954 ass et iwwert d'Transpositioun vun enger Décision-cadre vun de Justizministere vun den EU-Memberstate vum 13. Juni 2002, an d'Approbatioun vun enger UNO-Konventioun vum 10. Januar 2000, den Terrorismus als autonom Strofdot an eisem Strofrecht virzegesinn.

Mir hu schonn dacks gesinn, vill ze vill dacks gesinn an den Noriichten, déi grujelech a mënschenonwierdeg Attentater, wou Zivilisten duerch Autobommen, déi mëtten am Dag an enger Geschäftsstrooss explodéieren, niddergemetzelt ginn, wou Politiker oder Riichter per Genéckschoss virun den Ae vun hirer Famill higeriicht oder wou Kandidate fir eng Wahl oder Membrë vun hirer Familljen entfouert goufen.

Déi politesch oder pseudopolitesch Revendicatiounen, déi da gestallt ginn, fir esou Akten ze rechtfäertegen, kënnen net an déi fräi Meenungsausso rangéiert ginn. An engem demokratesche Stat huet all Bierger Rechter, déi an der Verfassung, an der europäescher Mënscherechtskonventioun a vläicht an der zukünfteger europäescher Verfassung verankert sinn, an déi hie fräi ausnotze kann. Jidderee ka seng Meenung soen, respektiv schreiwen, och wa se minoritär ass, och wa se net jidderengem gefält. Wann ee seng politesch Meenung awer wëllt aneren operzwéngen andeems ee Leit an demokratesch Institutiounen terroriséiert duerch Attentater, Attacken, Hiriichtungen, huet een do kee Recht méi sech am Kader vun der fräier Meenungsausso ze positionéieren oder sech hannert iergendengem anere Recht ze verstoppen.

« L'on conçoit », schreift e franséischen Droitsprofesser, « que ne puisse être pris en considération le caractère prétendûment politique des revendications exprimées par les terroristes, dès lors que les méthodes utilisées et les objectifs poursuivis méconnaissent gravement les règles fondamentales de la démocratie ».

Tëschent der fräier Meenungsausso an dem Terrorismus leie Welten. Déi eng muss vun enger Demokratie ënnerstëtzt a geschützt ginn. Déi aner muss vun enger Demokratie bekämpft ginn. Et geet also beim Terrorismus ëm d'Substanz, ëm de Kär vun enger Demokratie. Brauche mer dann iwwerhaapt hei zu Lëtzebuerg en Antiterrorismusgesetz?

Lëtzebuerg ass ee vun deene wéinege Staten an der Europäescher Unioun, deen Terrorismus net speziell ënner Strof stellt. D'Definitioun vun der Décision-cadre, déi vun alle 15 Justizministeren, also vun der ganzer Panoplie vu Parteie gedroe gëtt, gëtt eng eenheetlech Definitioun vum Terrorismus. Ech wäert nach op déi Definitioun spéider ze schwätze kommen.

Terrorismus ass eben, leider muss ee soen, eng Realitéit. « Une forme moderne et particulièrement odieuse de criminalité », sot den deemolege franséische Justizminister Michel Sapin 1992 virun der Assemblée nationale, wéi den Terrorismus speziell am franséische Code pénal ageschriwwe gouf.

An de Länner, déi terroristesch Akten erlieft hunn, huet et sech séier erausgestallt, dass déi bis dato existéierend Strofdoten inadaptéiert wore fir géint dëst villfältegt a villsäitegt Phenomeen virzegoen.

« Les réponses répressives traditionnelles devaient se montrer bien insuffisantes », schreift de franséischen Droitsprofesser Cartier an der Revue de science criminelle, wéi hien den Titre IV am nouveau Code pénal kommentéiert huet.

Mä net nëmmen en Terrorist, mä och déi, déi fräiwëlleg aktiv a wëssentlech eng terroristesch Strofdot gehollef hu virzebereeden andeems se zum Beispill eng Wunneng zur Verfügung gestallt hunn, oder wichteg Informatiounen iwwert d'Zilobjekt oder d'Zilpersoun ginn hunn, musse speziell strofbar gemaach ginn. Bei Strofdote mat engem terroristesche Charakter handelt et sech ëm méi wéi einfach Strofdoten. Et geet hei drëm d'Demokratie, eise Rechtssystem, eisen Etat de droit iwwert déi privat Intérêten eraus ze schützen. Doniewent muss Lëtzebuerg natierlech och eng UNO-Konventioun iwwert d'Repressioun vum Finanzement vum Terrorismus vun 2000 ëmsetzen. Dës Konventioun, déi vun 182 Länner an der UNO-Vollversammlung, also bal unanime gestëmmt gouf, gesäit och vir, dass d'Staten terroristesch Strofdote speziell bestrofe sollen.

Wat ass also ënner Terrorismus ze verstoen? D'Definitioun vum Terrorismus wäert sech, wann de Projet de loi bis gestëmmt an d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, am Artikel 135 (1) vum Code pénal erëmfannen. Dräi Bedéngunge musse kumulativ, an ech insistéieren op kumulativ, erfëllt sinn. Déi éischt Bedéngung ass, dass eng Infractioun bestoe muss. Dës primär Infractioun, op där den terroristeschen Akt opbaut, muss mat enger Mindesthéchststrof vun dräi Joer Prisong bestrooft ginn. Dat heescht, wann also eng Infractioun mat sechs Méint bis zwee Joer Prisong bestrooft gëtt, ass dës Bedéngung net erfëllt.

Bei dëser Bedéngung sinn d'Meenungen an der Kommission auserneé gaangen, well verschidde Membere gefrot a gefuerdert haten, dass amplaz vun der Léisung vun der Mindesthéchststrof eng Lëscht vun Infractioune soll am Artikel 135 (1) festgehale ginn. D'Majoritéit vun der Kommissioun ass net op dee Wee gaangen, well esou eng Lëscht eng Onzuel vu Renvoien op aner Artikele vum Code pénal a vu Spezialgesetzer bedéngt hätt, wat bestëmmt net zur Klorheet vum Text bäigedroen hätt.

De Législateur kritt dacks genuch virgeworf, dass hien en Text duerch ze vill Renvoië schwéier lieserlech géif maachen. Hei hätte mer awer definitiv all Rekorder gebrach. Doniewent wär eng Lëscht net d'Léisung gewiescht, fir d'Definitioun vum Acte terroriste méi kloer ze gestalten. Dat huet och de Statsrot a sengem Avis geschriwwen, wou hie seet: « Il convient d'emblée de relever que la délimitation matérielle du champ d'application de la nouvelle incrimination par rapport à une liste, soit d'infractions déterminées, soit de catégories génériques d'infractions, soulèverait les mêmes interrogations ».

Natierlech hätt eng drëtt Méiglechkeet dora bestanen, fir wuertwiertlech den Text vun der Décision-cadre ofzeschreiwen, an d'Termes génériques, déi do festgehale sinn, an dem Artikel 135 (1) festzehalen. Dat wier a mengen Aen déi schlechtste Léisung gewiescht, well déi Sammelbegréffer wéi „atteinte à l'intégrité physique“, oder „libération de substances dangereuses“, oder nach „destructions massives d'installations gouvernementales“, fir d'éischt am Code pénal oder a Spezialgesetzer nogesicht hätte misse ginn éier een den Artikel 135 (1) ugewannt hätt.

Fir mat dëser éischter Bedingung ofzeschléissen, muss nach gesot ginn, datt entgéint dem Avis complémentaire vum Statsrot d'Kommissioun bei sengem Amendement, fir d'Mindesthéchststrof vun zwee op dräi Joer eropzesetzen, bliwwen ass. Dobäi wësse mer, datt d'Fälschung vun engem Pass, dee mat enger Héchststrof vun zwee Joer bestrooft gëtt, aus der Definitioun vum Artikel 135 (1) ausgeschloss gëtt.

Déi zweet Bedingung ass wuertwiertlech vun der Décision-cadre iwwerholl. D'terroristesch Handlung muss duerch de Kontext, an där d'Infractioun stattfënnt, oder duerch d'Natur vun der Infractioun, an ech zitéieren: « porter gravement atteinte à un pays, une organisatioun ou un organisme international ».

Déi drëtt Bedingung ass och wuertwiertlech aus der Décision-cadre geholl ginn. Hei dréit et sech ëm Zil an Zweck vum Terrorismus. Zil an Zweck vun enger terroristescher Handlung muss sinn, entweder d'Bevölkerung anzeschüchteren oder d'Autoritéiten dozou ze zwéngen eppes ze maachen oder ze hannerloossen eppes ze maachen oder nach déi fundamental politesch, wirtschaftlech, sozial oder verfassungsrechtlech Struktur vun engem Land oder enger internationaler Institutioun ze destabiliséieren oder ze zerstéieren.

Dëst sinn also déi dräi Bedingungen, déi kumulativ mussen erfëllt sinn, fir datt et sech ëm e strofbaren terroristeschen Akt handelt. An dëst sinn och déi dräi Bedingungen, déi vun de 15 Justizministeren unanime an der Décision-cadre festgehale goufen.

Deen, deen dann déi dräi Bedingungen erfëllt, gëtt mat enger Prisongsstrof vu 15 bis 20 Joer bestrooft. Wann awer Persoune bei der Handlung ëm d'Liewe komm sinn, ass liewenslängleche Prisong virgesinn.

Erlaabt mer, Här President, e puer Wierder zu der Proportionalitéit vun de Peinen ze soen, déi virdrun hei ugeschwat ginn ass. Den honorablen Här Urbany huet an engem Bréif vu gëschter dës Proportionalitéit vun de Peinë bei dësem Projet a Fro gestallt a geschriwwen, datt dat belscht Gesetz en Echelonnement des peines géif virgesinn, an datt dat europäescht Recht disproportionéiert Sanktiounen net géif zouloossen.

Wat dat belscht Gesetz ugeet ass et richteg, datt en Echelonnement des peines virgesinn ass. An der Belsch falen awer Infractiounen ënnert d'Gesetz, wat hei zu Lëtzebuerg net de Fall ass, zum Beispill gesitt Der och am belschen Text, datt Amenden, also Geldstrofen - dat kënnen 200, 500, 1.000 Euro sinn - duerch eng Prisongsstrof vun engem bis dräi Joer ersat ginn. An Infractiounen, wou d'Mindesthéchststrof manner héich ass wéi dräi Joer, dat heescht wou ee bei eis aus der éischter Bedingung géing erausfalen, bleiwen awer och vum belsche Projet mat betraff. Hei si mer dann awer zu Lëtzebuerg méi restriktiv.

Wat d'europäescht Recht ugeet, huet den Här Urbany en Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff vum 19. Mäerz 2002 zitéiert, wou festgehale gouf, datt den italienesche Code de la route eng disproportionéiert Sanktioun virgesinn hätt, dat ass och richteg esou. Mä bei dëser Affär ass Italien condamnéiert ginn, well am italienesche Code de la route eng Diskriminatioun tëschent Autoen, déi an Italien immatriculéiert sinn, an Autoen, déi net an Italien zougelooss sinn, stattfonnt huet.

An am europäesche Recht, dat brauch ech de Juristen heibannen net ze soen, do brauche mer och kee weideren Expär vu baussen ze froen, wësst Der jo, datt eng Diskriminatioun, ob se directement fondée sur la nationalité, oder wéi an eisem Fall indirecte ass, well jo méi Italiener an Italien immatriculéiert Autoe fueren a méi Net-Italiener am Ausland immatriculéiert Autoe fueren, also dës Discrimination indirecte nëmme ka justifiéiert ginn, wann eng objektiv Ursaach do ass a wann d'Ursaach proportionéiert zum Zil ass.

Hei fanne mer et proportionéiert erëm an hei huet den Europäesche Geriichtshaff gesot: Neen, dat geet ze wäit. Dat ass disproportionéiert am Kader vun enger Justificatioun fir eng Diskriminatioun. Dat huet also iwwerhaapt kee Lien mat eiser Affär, well et hei, dat kënnt Der alleguerten noliesen, Article 135 (1) vum Code pénal, iwwerhaapt keng Diskriminatioun mécht, keen Ënnerscheed mécht objektiv oder subjektiv tëschent Lëtzebuerger oder Auslänner, déi eng terroristesch Strofdot begaangen hätten.

Et wär also falsch, fir schlussfolgernd ze soen, datt eng Infractioun an en terroristesche Kontext muss bruecht ginn, fir datt méi staark Prisongsstrofen ugewannt kënne ginn. Et ass och falsch ze soen, datt d'Décision-cadre méi restriktiv wier wéi dëse Projet de loi, well grad zwou vun dräi Bedingungen identesch sinn an déi drëtt au contraire preziséiert gouf. Well dës dräi Bedingunge kumulativ mussen erfëllt sinn, an och wann ee géif soen, déi viséiert Infractioune wären hei am Projet méi large ausgefall wéi an der Décision-cadre, wat zwar net de Fall ass, mä och wann een dat géif soen, kënne mer logescherweis, well et sech ëm kumulativ Bedingungen handelt, net d'Dier méi grouss opgemaach hu wéi an der Décision-cadre.

Mä net nëmmen den Terrorist, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt duerch de Projet de loi erfaasst. Déi, déi zu engem Groupe terroriste gehéieren, an déi, déi gehollef hunn eng terroristesch Aktioun virzebereeden, gi vum Artikel 135 (4) ënner Strof gestallt. An der Kommissioun ass bemängelt ginn, datt d'Definitioun vum Groupe terroriste onkloer oder onprezis wär, an datt esou Leit, déi am Fong näischt mam Terrorist ze dinn hätten, do kéinte mat eragezu ginn.

Éischtens ass e Groupe terroriste eng strukturéiert Associatioun vu Persounen, déi beabsichtegen eng terroristesch Dot ze vollbréngen. Deejéinegen, dee fir den Terrorist schafft an net a seng Affären, terroristeschen Akte verwéckelt ass, zum Beispill d'Kannermeedchen, dat näischt mat den terroristeschen Aktiounen, Aktivitéite vu sengem Meeschter, muss een da soen, ze dinn hätt, kann also net zu engem Groupe terroriste gehéieren, well hatt huet net selwer beabsichtegt eng Strofdot ze vollbréngen.

Zweetens steet och am Gesetz, am Projet de loi et muss ee wëssentlech, fräiwëlleg an aktiv zu engem terroristesche Grupp gehéieren. Dee Kader vu Persounen, déi hei a Fro kommen, ass begrenzt, an d'Kannermeedchen, de Chauffeur oder d'Kächin vum Terrorist fale bestëmmt net drënner, ausser si wäre wëssentlech, fräiwëlleg an aktiv deenen Handlungen nogaangen.

Drëttens ass déi Bestëmmung vum Groupe terroriste, d'Definitioun vum Groupe terroriste, wuertwiertlech vun den Artikelen 324bis an 324ter vum Code pénal, déi sech mat der Association de malfaiteurs beschäftegen, ofgeschriwwen. 1998, wéi dës Artikelen 324bis an 324ter hei unanime am Plenum ugeholl goufe vun alle Parteien, war d'Onklorheet oder de Manktum u Prezisioun kee Problem. Et kéint een natierlech vläicht drun denken, fir d'Strofmooss bei der Association de malfaiteurs no uewen un déi vum Groupe terroriste unzepassen.

De Finanzement vun terroristeschen Aktivitéiten ass e weidere Kärpunkt vum Projet de loi, well Geld bei der Virbereedung vun Terrorakten eng wichteg Roll spillt oder ka spillen. Contrairement zum Blanchiment vu Gelder, déi eng illegal Origine hunn, well se aus dem Drogenhandel, Mënschenhandel oder Waffenhandel stamen, legaliséiert ginn, kënne beim Finanzement vum Terrorismus Gelder, déi legal erwirtschaft gi sinn, zu illegalen Zwecker benotzt ginn. Dofir huet missen eng spezifesch Infractioun an de Code pénal geschriwwe ginn, well alles muss an d'Wee geleet gi fir déi terroristesch Doten ze vermeiden, et gi Stroffräiheete fir déi virgesinn, déi en Terrorakt, éieren datt e stattfënnt natierlech, d'Identitéit vun Terroristen oder d'Existenz vun engem Groupe terroriste der Justiz matdeelen.

D'Regierung huet nach en Amendement agereecht, dee vun der Kommissioun a vum Statsrot guttgeheescht gouf, fir am Fall vun engem Repérage téléphonique d'Informatiounspflicht ze änneren. Bis elo huet den Untersuchungsriichter missen déi concernéiert Persoun iwwert de Repérage téléphonique informéieren, entweder während der Instruktioun oder spéitstens bannent zwielef Méint vun der Autorisatioun, fir esou e Repérage téléphonique duerchzeféieren.

Well a komplexen Affären, wéi déi vum Terrorismus oder der grousser Kriminalitéit, d'Instruktioun méi laang wéi zwielef Méint kann daueren an et net virstellbar ass, datt déi concernéiert Persoun informéiert gëtt, datt e Repérage téléphonique stattfonnt huet, éier datt den Dossier ofgeschloss ass, gëtt deen Délai vun zwielef Méint geännert a spillt net an Affäre vun Terrorismus, Associations de malfaiteurs an, wéi vum Statsrot virgeschloen, an a verschiddenen Drogenaffären. Et bleift awer bei der Informatiounspflicht während der Instruktioun.

Zum Schluss wéilt ech nach soen, datt de Projet de loi eng eleng Zoustännegkeet fir de Parquet an d'Geriichter vun der Stad Lëtzebuerg an allen Terrorismus- a Blanchimentsaffären virgesäit.

Dëse Projet de loi ass also net dee béisen Text, deen d'Grondfräiheete vun de Leit aschränkt. D'Bedingungen, fir datt et zu engem Akt vun Terrorismus kënnt kommen, si strikt. Zemools well, wéi dat bei allen Artikele vum Code pénal ass, d'Geriichter an net iergendeng politesch Autoritéit zoustänneg sinn an dat lescht Wuert hu bei der Ausleeung an Ausféierung vun dësem Projet de loi.

Mir si jo net an enger Diktatur, wou déi politesch Autoritéiten de Geriichter virschreiwen, wat se ze soen hunn, wéi dat an enger Diktatur de Fall ass - mir denken un all déi Journalisten, déi zu Kuba virun zwee Méint wéinst Terrorismus liewenslänglech an de Prisong komm sinn -, zemools mer hei zu Lëtzebuerg zwar déi terroristesch Strofdot afëiere mä keng nei Prozedur afëieren. Et ass déiselwecht Prozedur wéi bei allen anere Strofdelikter, also Crimen, déi sech do applizéiert. Keng nei Riichter, keng Juridiction d'exception gëtt hei agefouert.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

A kengem Fall muss Terrorismus e Virwand sinn, fir egal wat ze maachen. Wann Illegalismus mat Illegalismus bekämpft gëtt, da gëtt et Terroristen op béide Säiten. Da gëtt et kee Rechtssystem méi. A grad wéi den Terrorismus ass den Terrorisme d'Etat eng eklatant Dénégatioun vun eisen demokratesche Wäerter. Mä néierens, a kenger Demokratie ginn d'Grondfräiheeten a besonnesch d'Meenungsausso esou wäit fir terroristesch Handlungen ze legitiméieren, an eng Gefor fir d'Demokratie muss, wéi ech aganks gesot hunn, ëmmer bestrooft ginn.

Et geet also am Sënn vum Victor Hugo, deen an de «Misérables» geschriwwen huet: «Ni despotisme, ni terrorisme».

Ech wollt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Ried mat der Konklusioun vum Avis minoritaire vun der Chambre de Travail ofschléissen. Et gouf och en Avis minoritaire, dat vergësst een, et vergësst ee ganz villes bei dësem Text. Si schreift: «Afin de protéger les citoyens de nos sociétés démocratiques, c'est un optimum entre sécurité, liberté qui doit être trouvé. La liberté totale signifie anarchie et loi du plus fort. La sécurité totale signifie la prison.» Ech hätt et wierklech net kënnte besser soen.

Ech soen Iech merci a bieden Iech am Numm vun der Kommissioun dëse Projet esou wéi e virläit ze stëmmen. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Santer. Als nächste Riedner war den Här Laurent Mosar ageschriwwen. Vu datt den Här Mosar nett do ass, géif ech d'Madame Err bieden erop ze kommen. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen haut iwwer e Gesetzesprojet, dee mat Terrorismus zesummenhänkt, mä néierens an den Documents parlementaires geet vun deem Terme Rieds, ausser dass probéiert gëtt e juristesch ze definéieren.

„No against terror" war eng Schlagzeil, déi CNN nom 11. September 2001 getitelt huet, an esou ass de Krich net nëmmen am Afghanistan, mä och am Irak justifiéiert ginn, e preventive Krich géint e Stat, e Land a Leit, déi vu virtuelle Massevernichtungswaffen hätte kënne Gebrauch maachen an terroristesch Attentater hätte kënne begoen.

Preventiv war de Krich géint den Terror an dat werft d'Fro op, ob e Krich iwwerhaapt d'Léisung fir e Problem ass. D'Äntwert op déi Fro ass sécherlech eng individuell, mä eppes ass kloer, all Krich gëtt ni géint den Terror gemaach, mä géint d'Leit an normalerweis géint déi Leit, déi net responsabel kënne gemaach gi fir iergendwellech Terrorakten, wann et der da solle gewiescht sinn.

Geschichtlech fält dat Wuert Terror 1793 op, wéi ënnert dem Robespierre de Regime vun der Terreur d'Etat agefouert ginn ass. Duerno ass den Terrorismus, an och haut ass dat nach esou, sécherlech net méi esou oft en Terrorisme d'Etat, mä en Terrorisme de subversion. Am Petit Robert gëtt den Terrorismus definéiert als en «emploi systématique de la violence pour atteindre des buts politiques (prise, conservation, exercice du pouvoir…)», oder awer «l'ensemble des actes de violence, des attentats, des prises d'otages civils qu'une organisation politique commet pour impressionner un pays (le sien ou un autre)».

En Terrorist gëtt am Petit Robert definéiert als «membre d'une organisation politique qui use du terrorisme comme moyen usuel d'action».

Esou schéngt dat dach relativ kloer ze sinn, mä nëmmen op d'éischt, well e puer Leit gëtt et jiddefalls, déi bekannt si fir sengerzäits als Terrorist am Verruff gewiescht ze sinn, an duerno unerkannt Politiker, sief et Statschefe waren. Verschiddener vun deenen hu sech esouguer mat engem Friddensnobelpräis erëmfonnt. An och dat, mengen ech, soll ee behalen, wann een iwwert dat Thema vum Terrorismus hei schwätzt, well et ass vill méi villschichteg wéi et sech a priori ugesäit an et ass vill méi komplizéiert, wéi dass ee kéint mat engem Krich géint den Terrorismus dee Problem an de Gréff kréien. Ursaacheforschung, Ursaachebekämpfung, Preventioun an dann eréischt Repressioun missten eigentlech d'Weeër sinn, fir ze probéieren dem Phenomeen vum Terrorismus entgéint ze trieden.

Et ass kloer, an d'sozialistesch Fraktioun condamnéiert zesumme mat anere Fraktiounen aus dësem Haus Terrorismus als Moyen d'action politique oder wéi sief et och ëmmer, a mir sinn eis och bewosst, dass Terrorismus e Phenomeen ass, deen d'Grenzen iwwerschreit an eventuell kann Terroristen dozou bréngen sech dat Land an Europa oder soss op der Welt erauszesichen, wat eventuell déi schlechtsten, respektiv fir si déi beschte Gesetzgebung huet. Dat ass awer net nëmmen um Gebitt vum Terrorismus de Fall, dat ass beispillsweis och bei Mënschenhandel de Fall, an et ass jo net par hasard wou Lëtzebuerg vläicht méi Artistinnen a méi Prostitutioun huet, well Lëtzebuerg eng particulière favorabel Législatioun op deem Gebitt huet iwwert de Wee vun deem berühmte Visa d'artiste.

Op deem Punkt si mir natierlech net bereet ganz schnell aktiv ze ginn, obscho mer duerch Débats d'orientation schonn op déi Problematik higewisen hunn. Et bleift, dass et richteg ass, dass een engem internationale Phenomeen muss probéiere gemeinsam an harmoniséiert bäizekommen. Et bleift, dass et och a mengen Ae richteg ass, dass 1977 déi éischt Konventioun vum Europarot en matière de répression du terrorisme komm ass, déi am Fong déi Differenz tëschent Infraction politique an Infraction de droit commun opgehuewen huet, déi mat sech bruecht huet, dass d'Extraditioun net méi ka refuséiert ginn op Basis vun enger Nature politique vun engem Fait, wat sécherlech deelweis och défavorabel Konsequenzen huet. Den Zweck vun der Übung awer, mengen ech, kann een nëmme saluéieren, dofir si mir och mat där Approche d'accord.

Mir sinn och dermat d'accord, dass 1999 um Sommet zu Tampere d'Extraditioun tëschent Memberstate vun der Unioun ofgeschaaft ginn ass, well mer mussen dovun ausgoen, a mir sinn iwwerzeegt dovun, dass et innerhalb vun der Europäescher Unioun keng Länner gëtt, déi kéinten als Net-Demokratië bezeechent ginn, an deemno si mer eis schëlleg drun ze gleewen, dass och aner Staten, wa se net extradéieren, à même sinn déi Akten, déi enger eventueller Extraditioun zu Gronn leien, selwer bei sech kënnen op eng zefriddestellend Aart a Weis ze jugéieren.

Mir sinn eis och eens, dass d'Unioun en Espace de liberté, de sécurité et de justice ass, an dass d'Décision-cadre de Wee ass, deen an dëser Hinsicht muss begaange gi fir zu engem Zweck ze kommen, wat d'Terrorismusbekämpfung ugeet. Den Zweck vun der Décision-cadre ass et d'Législatiounen op nationalem Plang an deene verschiddene Länner ze rapprochéieren a minimal gemeinsam Regelen ze etabléieren, wat d'konstitutiv Elementer vun den Infractiounen a vun de Sanktiounen en matière d'infraction terroriste ugeet.

An dat ass natierlech eng komplizéiert Saach. Terrorismusbekämpfung an Aklang ze bréngen am Respekt vun alle Mënscherechter kënnt jiddefalls bezeechent ginn als eng Quadratur vum Krees, déi sécherlech keng einfach Operatioun ass. D'Décision-cadre concernéiert also Akten, déi vun alle Memberstaten incriminéiert ginn als eng Infraction de droit commun, an erlaabt et déi verschidden Akten ze inculpéieren als terroristesch Akten, à condition dass déi aner kumulativ Konditiounen, déi virgesi sinn, och erfëllt sinn.

Esou wäit schéngt dat och alles relativ harmlos ze sinn, mä wann een awer méi genee hikuckt, da gesäit een, dass déi Definitiounen et a sech hunn, an dass se net nëmmen op d'Harmonisatioun op europäeschem Plang erausginn, mä dorobber erauslafen, dass d'Basisprinzipien, déi am Droit pénal herrschen, an notamment do heesche „principe d'égalité, principe de proportionnalité d'infraction" an „éléments constitutifs" vun enger Infractioun net ëmmer esou evident ze gesi sinn.

Terrorismus ass, a mir sinn eis doriwwer eens, eng Menace fir Regimer, haaptsächlech fir demokratesch Regimer, well déi aner sinn duerch näischt ze impressionéieren an et ass a bleift esou, dass en Acte terroriste ënner alle Konditiounen normalerweis en Abus de droit ass, dee virun allem d'Zivilpopulatioun betrëfft an deen en tant que tel muss combattéiert ginn.

Et geet awer net duer nëmmen déi repressiv Schinn opzeleeën, wann een net bereet ass och no den Ursaachen ze siche wou den Terrorismus hierkënnt, an no den Ursaachen ze sichen, wéi een en eventuell kënnt prévenéieren, ier ee probéiert en ze réprimëieren.

Mä mir sinn elo um Niveau vun der Repressioun an ech wëll dofir e puer Saachen hei soen, déi an dëser Matière schonn um internationale Plang gesot ginn. Ech wëll rappeléieren, dass et um Niveau vum Conseil de l'Europe Lignes directrices du Comité des Ministres du Conseil de l'Europe gëtt, wat d'Protection des Droits de l'homme ubelaangt am Zesummenhank mat der Terrorismusbekämpfung.

An eng vun deenen éischte Recommandatioune vun dëse Lignes directrices ass « éviter l'arbitraire, l'égalité de toute mesure, ni torture, ni peine de mort, collecte des données personnelles contrôlées par une autorité extérieure » an ähnlecher, an ech wäert net hei dat ganzt Dokument musse virliesen,

fir ze weisen, dass de Conseil de l'Europe och schonn 1977, wéi déi éischt Konventioun komm ass, probéiert huet a sengen internationalen Instrumenter déi grouss Prinzipien, déi Lignes directrices ze erfëllen, déi ech elo grad virgelies hunn.

Et ass kloer, dass haut beispillsweis ënnert déi Infractiounen, déi kënnten zum Terrorismus féieren, « coups et blessures volontaires, meurtre, assassinat etc. » am Zesummenhank mat enger Association de malfaiteurs oder enger Organisation criminelle kënnte gehéieren. Mä kloer ass, dass an all deene Fäll, haut jiddefalls, dräi minimal Exigenzen aus dem Droit pénal musse respektéiert ginn. Éischtens muss et en Element légal sinn. Zweetens en Element matériel an drëttens en Element moral.

An dann ass et esou, dass wann déi Infractiounen hei existéieren, da wier et u sech och akzeptabel an normal, dass déi kënnten an enger Hypothèse terroriste mat Circonstances aggravantes bestrooft ginn, à condition natierlech, dass déi Eléments constitutifs och bei deenen neien Infractioune respektéiert ginn.

Dat schéngt mir muer mat deenen Texter, déi mer hei virleien hunn, net de Fall ze sinn. Wa mer soen zum Beispill, dass en Acte terroriste kënnt sinn all Crime et Délit, dee sanktionéiert gëtt duerch eng Peine vun engem Maximum vun dräi Joer, da muss een derbäi soen, dass hei éischtens d'Décision-cadre virgesäit, dass och den Acte préparatoire muss kënne bestrooft ginn, an dass dat eigentlech eppes ass, wat absolut exceptionnel zum aktuellen Droit pénal ass, wou am Fong nëmmen eng Tentative, déi net fräiwëlleg ënnerbrach gëtt, normalerweis punissabel ass niewent der Complicitéit an dem Coauteur.

Da spillt de Kontext hei an der Definitioun mat, an et steet do, dass deen Akt, wann et dann eng Infractioun ass, déi déi Konditioune vun deene Strofen erfëllt, „peut porter gravement atteinte à un pays, une organisation etc.". Et ass also net kloer, dass effektiv muss en Akt gesat ginn, et ass och net kloer, dass mussen déi dramatesch Konsequenze vun engem Terrorakt do sinn, fir kënne repressiv virzegoen.

Dann déi drëtt Konditioun : « …qui a été intentionnellement commise pour intimider une population, etc.". Hei si mer carrément am Element moral an hei si mer, menger Meenung no, jiddefalls an der Abstraction la plus complète, well ech ka mer net virstelle wéi een eng Intention d'intimider une population kann noweisen, esouguer dann, wann een um Parquet ass, an esouguer dann, wann d'Mesures d'enquête méi einfach gemaach ginn, wann eng Coopératioun policière verschäerft gëtt an esouguer dann, wann normal Saachen, wéi beispillsweis d'Recoursrecht bei de Repérages téléphoniques soll net spillen en matière de terrorisme, mengen ech esouguer, dass dat doten eng Performance ass, déi net esou einfach wäert sinn.

Ech denken och, dass et an der Décision-cadre iwwert den Acte terroriste aner Saache gëtt, déi sech net an eisem Gesetz erëmfannen, wéi déi Lëscht vun deene prezisen Infractiounen. Et ass richteg, dass wa mer eng prezis Lëscht vun den Infractiounen hätten, hätte mer du moins keng Schwieregkeete mat deem éischten Element am Droit pénal, dem Elément légal. Déi aner Elementer vun der Infractioun misst een dann nach kucken.

Mä et steet och beispillsweis net dran, wat genee muss répriméiert ginn. Den Artikel 4 vun der Décision-cadre seet zum Beispill, dass d'Memberstaten obligéiert sinn den Acte accompli ze répriméieren, wat eng normal Saach ass, d'Incitation à l'acte terroriste, dat ass och eng normal Saach, l'aide, do gëtt et schonn e bësse méi delikat, d'Complicité an d'Tentative d'acte terroriste, do si mer erëm am Régime commun. Dat eenzegt wat vun der Décision-cadre, ausser dem Normalen, verlaangt gëtt ass d'Aide ze incriminéieren. Or, ass d'Aide natierlech elo eppes wat een eventuell kann enger Tentative gläichsetzen, enger Complicitéit oder engem Coauteur gläichsetzen, dat muss awer net sinn.

Déi Démarche, déi hei geholl gëtt, ass am Fong fir virzegesinn, dass all Akt, all Iddi am Kapp, déi eventuell hätt kënnen en terroristeschen Zweck hunn, och wa se net ausgefouert ginn ass, och wa se kee Schued gemaach huet, kann en tant que tel no dësem Gesetz, wat soll haut gestëmmt ginn, répriméiert ginn. Dat huet, menger Meenung no, absolut näischt mat der Décision-cadre ze dinn. Dat huet eppes mat enger Exceptioun op de Prinzip vum Droit pénal ze dinn an dofir ass et och fir eis inakzeptabel. Et kann net sinn, dass e Stat eng Obligatioun hätt eng Iddi ze sanktionéieren, wa kengem doduerch e Schued entstanen ass, an och besonnesch dann, wa kee Schued konnt entstoen, well keen Acte matériel do war.

Mir sinn also an der Konklusioun d'accord, dass eng Approche européenne sech imposéiert, fir ze évitéieren, dass d'Terroriste muer sech innerhalb vun Europa, ob dat elo dat klengt Europa vun der Europäescher Unioun oder dat grousst Europa vum Europarot ubelaangt, dat Land eraussichen, wou se eventuell am beschten ewechkommen. Mir kënnen eis sécherlech och mat der Démarche vun der Décision-cadre ufrënden, mä ech mengen, dass ee kënnt d'Exigenze vun der sozialistescher Fraktioun esou resüméieren: Direktiv, déi ganz Direktiv, mä näischt wéi d'Direktiv.

***(Interruptions diverses)***

Et ass esou erstaunlech, dass ech elo de Fuedem hei verluer hunn.

***(Hilarité)***

Ech sinn dat absolut net gewinnt. Dofir probéieren ech dann elo hei de Fuedem erëmzefannen, dee roude Fuedem. Den 135 (7) schwätzt vun Exemption de peine fir eng Prime à la délation, iwwert d'Circonstances atténuantes. Och déi Saache gëtt et en matière de droit commun. Et kënnt engem just hei esou vir, wéi wann dat heite soll en neie Moyen si fir Infractiounen terroristescher Natur opzedecken an domadder eng Incitatioun zur Délatioun ze maachen, wat jo och net déi Démarche citoyenne ass, déi ee sech am léifste géing wënschen.

Virun allem stéiert mech an dësem Gesetzestext och nach déi Ausnahm op den Artikel 67 (1) en matière de repérage, e Gesetz wat mer d'lescht Joer no jorelaangem Soueren endlech hei gestëmmt hunn, a wat virgesäit, dass bei engem Repérage téléphonique et muss e Recours gi géint déi Décisioun vum Ënnersuchungsriichter während der Prozedur a spéitstens während engem Joer no der Ordonnance, an dass déi Dispositioun, déi d'Leit soll informéieren, dass se Victime oder dass se Sujet vun engem Repérage sinn, soll ausser Kraaft getratt sinn. Ech fannen, dass dat sech absolut net justifiéiert, well besonnesch an esou wichtege Saache wéi Terrorismusbekämpfung kann ee sech jo bal net virstellen, dass et méi laang dauert wéi e Joer, fir zu engem Schluss ze kommen.

Ech denken, dass och d'Direktiv beispillsweis en Artikel 14 huet, dee speziell Opmierksamkeet rifft fir Assistenz a Protektioun vun de Victimen. Kee Wuert doriwwer an eisem Gesetz, an d'Qualifikatioun eleng vun engem Terroristenakt ass menger Meenung no ze wéineg iwwerholl vun dëser Décision-cadre, fir dass et net geféierlech gëtt déi Frontière tëschent Terrorismus an enger normaler politescher Oppositioun ze maachen. Oppositioun, déi esouguer heiansdo kann Infractioune begräifen, ouni dofir als terroristeschen Akt musse kënnen definéiert ze ginn.

Déi Grenz tëschent dem Terrorismus an der politescher Oppositioun ass flou, ass ze flou, fir am Droit pénal ageschriwwen ze ginn, well den Droit pénal ass a soll iwwregens dat och bleiwen, besonnesch de Moment, wou en nach ëmmer eng Compétence excessivement nationale ass, en Droit d'interprétation stricte.

D'Interdictioun vun engem Groupe terroriste, mat där ee sech natierlech als Iddi kéint ufrënden, wëllt net heeschen, dass ee mam Artikel 135 (4) ouni Problemer eens gëtt, an esou ass et och mam Strofmooss an aneren Dispositiounen, déi sech an dësem Text erëmfannen.

Ech wëll duerfir resüméieren, dass déi Législatioun, déi hei virläit, verschidde Risiken a sech begräift, an zwar éischtens, dass d'Sécherheet oder d'Terrorismusbekämpfung sech wäert duerchsetze par rapport zur Protektioun vun de Mënscherechter, notamment dem Recht op e Privatliewen.

Zweetens dass d'Pouvoirs policiers an d'Luucht ginn, an zwar an enger éischter Phas nëmme fir déi sou genannten terroristesch Infractiounen, an dorauser wäert sech eventuell kënnen erginn, dass et vill méi praktesch ass mat verbesserten Enquêtë-Moyenen ze fueren, an d'Tentatioun läit op der Hand, dass dat wat haut exceptionnelle Regime ass fir d'Terroristebekämpfung, mar eventuell och bei Droit commun kann de Fall sinn, an dat ass a kengem sengem Intérêt, deen an dësem Land oder an anere Länner vun der Europäescher Unioun lieft.

Drëttens ass et, dass eng Utilisation facilitée vun den Echanges de données sécherlech eng grouss Tentatioun ass, an dass et dofir och noutwendeg wier, dass dat wat an déi Systèmes d'information stoe kënnt géif kontrolléiert ginn, dass e Recours kéint gemaach gi géint eventuell falsch Inscriptiounen, an och dat fanne mer de Moment a kenge vun deenen Dispositiounen erëm.

Virun allem ass awer fir mech als Juristin de Fall, dass mer hei an enger Hypothees sinn, wou d'Prinzipie vum Droit pénal a Fro gestallt ginn a wou et net ëmmer evident ass bei all Infractioun, déi virgesinn ass, déi dräi Elementer vum Element matériel, légal a moral erëmzefannen. A wann dat eng Exceptioun sollt sinn, dann ass se fir mech op jidde Fall inakzeptabel.

Ech denken dofir, dass et net par hasard ass, wou de Statsrot virun enger nébuleuser Matière pénale gewarnt huet, an dass och aner Avisen, déi gefrot gi sinn, notamment déi vun der Chambre de Commerce, eng nette Preferenz ausgedréckt hu fir d'Opstellung vun enger preziser Lëscht vun Infractiounen, wou och d'Chambre des Employés privés gefrot huet den Text esou genee ze libelléieren, dass all Atteinte un d'Mënscherecht an un d'fundamental Fräiheete kéint excluéiert ginn.

Ech mengen dofir, dass et evident ass, dass et en absence vun aneren Avisen, déi schonn am Laf vun der Prozedur gefrot gi sinn, notamment och déi vum Barreau, och déi vun der Commission consultative vun de Mënscherechter, déi vun Associatiounen, déi sech méi speziell mat der Protektioun vu Rechter vun Auslänner befaassen, an en général mat Expären en matière de droit pénal oder en matière des Droits de l'homme, misste kënne gehéiert ginn.

Ech denken dofir, dass déi Approche, déi hei gewielt ginn ass, zwar am Prinzip déi richteg ka sinn, mä dass déi Manéier, wéi deen Dossier hei traitéiert ginn ass, dass mer de Rapport scho virleien haten ier mer et schréftlech virleien haten, ier mer den Avis complémentaire vum Statsrot analyséiert haten, dass all déi Vitesse hei drop hiweist, dass eppes hei passéiert, wat besser an der Summerzäit passéiert, wann d'Leit am Prinzip aner Prioritéiten hunn, wéi déi ze kucken, wat d'politesch Aktualitéit ass.

Dat ass och déi Ursaach, mat all deenen Argumenter, déi ech virdrun hei erkläert hunn, dass d'LSAP-Fraktioun, déi och fir de Kampf géint den Terrorismus ass an d'Finanzéiere vum Terrorismus, fir méi eng exakt Transpositioun vun der Décision-cadre ass, an déi virgeschloe Manéier fir eis op jidde Fall net akzeptabel ass. Dofir ass et eng logesch Konsequenz vun deem wat ech hei gesot hunn, dass d'LSAP géint dëse Gesetzesprojet wäert stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Err. Als nächst Riednerin ass d'Madame Beissel ageschriwwen. Madame Beissel, Dir hutt d'Wuert.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt och dem Patrick Santer merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Bericht an dësem Projet de loi, dee bestëmmt net einfach ass.

D'Evénementer vum 11. September 2001 hunn déi international Communautéit an eng Aart Schockzoustand versat. Mam Zesummefale vun den Twin Towers zu New York ass et séier kloer ginn, dass d'Regelen, no deenen d'westlech Communautéit iwwer Jorzéngte funktionéiert huet, net méi valabel sinn. Et huet sech och gewisen, wéi vulnérabel eis Demokratien op terroristesch Attacke sinn.

Här President, dat Gesetz wat mir haut debattéieren, an duerno stëmme sollen, soll eist Land besser géint déi terroristesch Gefore schützen. An deem Kontext kann ee sech als éischt d'Fro stellen, a mir mussen eis déi stellen, well bon, ech mengen et ass hei vun Definitiounen aus dem Dictionnaire Rieds gaangen, jiddferee versicht dee Phenomeen vum Terrorismus e wéineg ze cernéieren: Wat ass Terrorismus?

Ech mengen et kann een eppes soen, ënner all Zorte vu Kriminalitéit ass den Terrorismus déi schlëmmst. De Professer Jean Pradel schreift: „En employant de manière systématique des moyens ayant pour effet de provoquer la frayeur des populations pour parvenir à ses fins, notamment politiques, et pour pouvoir alors peser sur l'histoire, le terroriste fait sien le principe que la fin justifie les moyens, principe qui est un adage mortel pour nos civilisations."

D'Schwieregkeet vum Exercice, fir den Terrorismus ze cernéieren, läit schonn dodran, dass ee muss zwësche véier groussen Zorte vun Terrorismus ënnerscheeden.

Dat éischt, a glécklecherweis ass dat haut manner de Fall wéi am leschte Jorhonnert, dat ass dee berühmte Statsterrorismus, Terrorisme de pouvoir, eng extrem réffeg Form vun Terrorismus, déi agesat gëtt vun de Muechtinhaber géint hir eege Leit, géint hir eege Bierger. Zum Beispill Terreur am Frankräich 1793/1794, dem Stalin seng Säuberungsaktiounen, d'Gestapo an esou weider.

Zweet Form ass den Terrorisme des vaincus, oft an der Form vu Guerilla-Kricher, well déi Besiegten net méi d'Kraaft oder d'Moyenen hunn, fir Batailles rangées duerchzeféieren. Zum Beispill déi zermürbend Guerilla-Kricher am Vietnam an elo, wa mer d'Televisioun kucken an de Radio lauschteren, all Dag leider am Irak.

Déi drëtt Zort vun Terrorismus an deen, deen de Biergerkricher zuvirkënnt, ass och eng fiirchterlech Form vun Terrorismus, wou zwou Populatiounen, meeschtens Kompatrioten oder op d'mannst Nopere niewent zwou Grenzen, déi säit Jorhonnerten niewenteneen oder mateneen zesumme gewunnt hunn, sech op eemol haassen a bekämpfen an engem reliéisen oder politesch ideologesche Konflikt. Mir kennen dat, dat gëtt Escaladen, dat gëtt Grausamkeeten ouni Enn.

Dir kennt de System vun der IRA säit 1939, der ETA, déi déi betraffe Länner alle béid un de Rand vum Biergerkrich bréngt. D'IRA huet just en anere System, si fiert mat massiven Attentater, ass haaptsächlech spezialiséiert an de Bommen, wou d'Irlänner géint d'Englänner fueren. An der ETA ass et an enger Hinsicht nach méi speziell, well do gëtt selektiven Terrorismus bedriwwen, mat der spezifescher Konnotatioun, dass hei déi baskesch nationalistesch Communautéit mat hirer verbuedener Partei Herri Batasuna an hirem Independenzprojet ongestrooft, mir hunn dat elo erëm eng Kéier an de leschte Woche matkritt, ETA-Attentater toleréieren, geriicht géint d'demokratesch gewielt Oppositioun.

D'Oppositioun, Familljemembere vun de Politiker, hir Kanner, kënnen net méi op d'Strooss goen, kënnen net méi ouni Bodyguard goen, si ginn déciméiert esoubal wéi se nëmmen d'Intentioun hu sech op d'Kandidatelëschte vu fräien demokratesche Wahlen an engem Land wéi Spuenien anzeschreiwen. Et muss ee sech dat virstellen am Joer 2003. Si soe vu sech selwer: Mir liewen an der « zone zéro de la démocratie européenne ». Si soen och vu sech selwer, an dat ass och extra: „Nous sommes le seul cas au monde où un groupe terroriste n'agit pas contre le pouvoir gouvernant, mais contre l'opposition démocratique."

Véiert a lescht Grupp, subversiven Terrorismus a senger Versioun vum téléguidéierten Terrorismus, dat kenne mer jo. Dat ass lassgaange mat de chinesesche Boxeren, an haut, mam System Al-Qaida, hu mer jo dovun déi beschten Expressioun. Et geet drëm e Spannennetz iwwert d'Länner ze leeën, mat klengen Interventiounscellulen, preparéiert, endoctrinéiert, fanatiséiert vun der Mammenorganisatioun, déi meeschtens an engem anere Land sëtzt. Ouni Rücksicht op Verloschter géint Kanner, Fraen a Männer, Actions de grande envergure wéi zum Beispill déi vum 11. September a verschidden anerer virdrun.

Den Osama Bin Laden, fir en net ze nennen, huet, muss ech lech soen, awer näischt erfonnt. D'Iddi vum System vum Terrorisme téléguidé ass schonn am 12. Jorhonnert vun där berühmter Sekt vun den Haschichin erfonnt ginn. Haschichin, ethymologeschen Ursprung vum Wuert „assassins". De Chef vun där Sekt, den Hassan Sabbah, genannt „le vieux de la montagne", huet deemools schonn am ganze mëttleren Orient bis a Persien eran Cellulë geschéckt vu gutt preparéierten, gutt motivéierten, gutt fanatiséierten Zaldoten, déi him genehm waren an déi systematesch alles liquidéiert hunn, esouwuel d'Politiker wéi och d'Zivilbevölkerung, déi him net genehm waren. Dat fir lech ze soen, dass dat wat mir haut de System Al-Qaida nenne schonn am 12. Jorhonnert entstanen ass. Den Osama Bin Laden hat doudsécher den Hassan Sabbah als Spiritus Rector.

Zweet grouss Fro: Wat ass dann um jëtzegen Terrorismus anescht, esou dass eist existent Regelwierk net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä an Europa net méi duer geet fir eis effizient ze schützen? Hei falen direkt verschidden Ënnerscheeder an d'Aen.

Éischtens ass d'Gewaltbereetschaft vun den Terroristen extrem

héich, net nëmme schrecken se net virdrun zréck fir honnerte vu Leit an den Doud ze schécken, mä si scheien och net virdrun zréck sech selwer fir hir Idealer ze opferen. Dat ass de grousse Problem. Et ass kee méi an eise westleche Länner bereet oder schwéier bereet fir sech fir eng Iddi an d'Luucht sprengen ze loossen. Si sinn eis ëmmer e Schrëtt viraus, well se eng Mentalitéit hunn, wou mir Schwieregkeeten hunn, fir eis an déi eran ze fillen. Et geet fir de Stat also ëmmer méi drëm, an dat ass extrem wichteg, fir den terroristeschen Akt schonn a senger Preparatiounsphas ze stoppen. Héich Prisongsstrofe bidden a mengen A wéineg Ofschreckung fir en Terrorist, dee bereet ass säi Liewen ze opferen.

Zweetens hunn d'Terroriste vill vun der organiséierter Kriminalitéit geléiert, wat hir Strukturen ugeet. Hir Netzer strecken sech, ech hunn et scho gesot, wéi e Spannennetz iwwert d'Länner, an esouguer iwwert d'Kontinenter a sinn extrem schwéier ze zerbriechen, vu dass si aus enger Multitude vu lokalen Zellen zesummegesat sinn, déi vuneneen onofhängeg operéieren.

D'Gesetz, wat an Italien „omertà" heescht, kann op de System Al-Qaida transféréiert ginn. Si profitéiere vun de modernsten Telekommunikatiounsmëttelen a sinn extrem mobil. Si sinn an hirer ganzer Approche Vollprofien, gutt ausgebilt, voll motivéiert. Dëser sou genannter Globaliséierung vum Terrorismus kann op reng nationalem Plang wéineg entgéint gesat ginn. Ouni eng enk Kollaboratioun tëschent den Autoritéite vun de verschiddene Länner ass net vill auszeriichten. Eng esou enk Kollaboratioun setzt awer viraus op europäeschem, souguer op internationalem Niveau, dass déiselwecht Rechtsgrondlag am Domän vum Terrorismus besteet.

Drëttens huet d'Beispill vum Al-Qaida-Réseau gewisen, wat fir eng extrem héich finanziell Ressourcen dem Terrorismus haut zur Verfügung stinn. Dat huet als direkt Konsequenz, dass den heitegen Terrorist, wéi ech scho gesot hunn, extrem gutt ausgebilt, équipéiert a mobil ass. E wichtegen Usazpunkt vun enger erfollegräicher Bekämpfung vun dem Terrorismus ass d'Broochleeung vun deene komplexe Finanzstrukturen, déi den internationalen Terrorismus finanzéieren, op eng onermiddlech Aart a Weis d'Poursuite vun de Geldgeber ze maachen, déi sech hannert deene Finanzstrukture verstoppen. Als grouss Finanzplaz, iwwert déi vill Kapital zirkuléiert, ass Lëtzebuerg besonnesch gefuerdert. Eis streng Gesetzgebung an den neie Projet „blanchiment" komme grad richteg, fir ons Crédibilitéit an Transparenz vun eiser Finanzplaz, déi ëmmer gekuckt gëtt, ze ënnersträichen.

Här President, de Gesetzesprojet iwwert dee mir haut debattéieren, këmmert sech ëm de legislative Kader vun der Terrorismusbekämpfung. Ech mengen, dass mir awer net sollten aus den A verléieren, dass de legislative Kader nëmmen een, zwar e wichtegen, mä trotzdeem nëmmen ee Bestanddeel vun der Terrorismusbekämpfung ass. Esou sinn Aarmutt, Ënnerentwécklung, Ënnerdréckung vu Minoritéiten, mat hire Frustratiounen, hirer Wut an hirer Einsamkeet, e wichtegen Nährbuedem vum Terrorismus.

Hei kann ech d'Efforte vun der Lëtzebuerger Regierung nëmme begréissen, wou am Kader vun der Kooperatioun substanziell Montanten an d'Entwécklung investéiert ginn. Fir mech ass dëst laangfristeg eng Investitioun an d'Sécherheet. Déi Virreiderroll, déi Lëtzebuerg an der Kooperatioun spillt, ass also net nëmmen aus humanitäre Grënn justifizéiert, mä hëlleft och an der Bekämpfung vum Terrorismus.

Doriwwer eraus geet et awer och drëms d'Kriseregiounen esou gutt wéi méiglech ze stabiliséieren. Et ass jo bekannt, dass anarchistesch Zoustänn a Regioune wéi dem Afghanistan, deen nach ëmmer net am Grëff ass, oder a verschidde Regiounen um südamerikanesche Kontinent, ideal Viraussetzunge schafen, fir Terroristen ze recrutéieren an auszebilden. Och an deem Domän hält Lëtzebuerg säi Wuert, hëlt seng Responsabilitéit am Kader vun der internationaler Communautéit. Esou kann ech d'Décisioun vun der Regierung, fir Lëtzebuerger Zaldoten a Friddensmissiounen an den Afghanistan ze schécken, nëmme begréissen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 4954 geet spezifesch op d'Problematik vum Terrorismus an. D'juristesch Kommissioun huet et virgezunn dëse Wee ze goen, anstatt mam System vun där Lëscht, déi virdru schonn hei ugeklongen ass, déi eenzel Infractiounen, déi an eisem Droit pénal virgesi sinn, un d'Problematik vum Terrorismus ze adaptéieren. Dësen zweete Wee wär zwar net nëmmen extrem komplex an ëmständlech gewiescht, mä en hätt och den Nodeel, dass keng spezifesch an autonom Incriminatioun fir Terrorismusakten virgesi wären, esou wéi et an de verschiddenen nationalen Ofkommessen, déi Lëtzebuerg matdréit, gefuerdert gëtt.

Fir kënnen Terrorismusakten ënner Strof ze stellen, muss de Gesetzgeber dës fir d'éischt definéieren. Am Projet de loi ginn zwou objektiv Konditiounen an eng subjektiv Konditioun definéiert, déi musse kumulativ erfëllt sinn, fir dass en Akt vun Terrorismus virläit. An dëser Definitioun läit genau, an ech menge mir hunn dat erausfonnt an deene verschiddenen Diskussiounen, déi mir an der Commission juridique haten, d'Gratwanderung, déi de Lëtzebuerger Législateur an dësem Gesetzestext muss maachen. Hie wëllt sech wuel op där enger Säit déi juristesch Méiglechkeete ginn, fir den Terrorismus esou effikass wéi méiglech ze bekämpfen, wëllt op där anerer Säit awer och ons demokratesch Grondprinzipien net a Fro stellen. Dëst als Garant vum Rechtsstat.

D'Aféierung vun engem subjektive Kritär ass verständlech, wann et drëms geet all terroristesch Akten an d'Definitioun anzeschléissen. Op där anerer Säit ass et hei e subjektive Kritär, deen dem Pouvoir d'appréciation vum Riichter ënnerläit, an et ass grad bei dësem Kritär, wou et drëms geet, mat aller Suergfalt virzegoen, fir dass mer net der Versuchung noginn, fir onse bedrote Rechtsstat, ons menacéiert Demokratien duerch exceptionnel Moossnamen ze schützen, a grad duerch dësen Ausnahmenzoustand ipso facto eise Rechtsstat auszehillegen an domat och eis Demokratie.

Här President, ech hunn a menger Aféierung erkläert duerch wat sech de modernen Terrorismus vun deem ënnerscheet, dee mir bis elo kannt hunn um Niveau vun der Preventioun, dat heescht Banditisme, grouss Kriminalitéit, mä lauter Infractiounen de droit commun.

De Gesetzesprojet, deen haut zur Debatt steet, probéiert genau deenen Ënnerscheeder Rechnung ze droen. Esou hunn ech vun där bis elo onbekannter Gewaltbereetschaft geschwat, déi et nach méi wichteg mécht den Terrorismusakt schonn a senger Preparatiounsphas ze vereitelen. Am Projet de loi si verschidde Moossname festgeluecht, déi dëst sollen erméiglechen.

Doduerch, dass een engem Groupe terroriste ugehéiert, mécht ee sech no deem neie Gesetzprojet och strofbar. Eng terroristesch Organisatioun ass definéiert als eng Grupp vu méi wéi zwou Persounen, déi sech bewosst iwwer eng gewëssen Zäit zesummendoen, fir en terroristeschen Akt ze begoen.

Hei wëllt de Législateur en terroristeschen Akt scho vereitelen ier d'terroristesch Zell aktiv gëtt a Schued kann uriichten. Dat proposéiert Gesetz geet also iwwert dat eraus, den terroristeschen Akt ze bestrofen, mä bestrooft schonn, an et ass virdru schonn ugeklongen, de Fakt enger terroristescher Organisatioun unzegehéieren.

Mir sinn eis alleguerte bewosst, dass dat eng drastesch Verschäerfung vun eisem aktuelle Code pénal ass, mä et ass eben duerch déi extrem geféierlech Situatiounen, wou mer d'accord ware fir op dee Wee ze goen. En Dirigeant vun enger terroristescher Organisatioun gëtt esou mat 10 bis 15 Joer Prisong an oder enger Geldbouss vun 25.000 bis 50.000 Euro bestrooft. Ech hunn och scho virdrun a menger Ried drop higewisen, dass et menger Meenung no schwéier ass mat héije Prisongsstrofen en Terrorist, e Profi, e Fanatiker, dee bereet ass säi Liewen ze opferen, vu senger Dot ofzeschrecken.

Trotzdeem gëtt am Projet de loi mat extrem héije Prisongsstrofe probéiert op d'mannst eng ofschreckend Wierkung ze erreechen, esouguer den terroristeschen Akt, dee Menscheliewe gefuerdert huet, mat liewenslaanger Haft bestrooft. Et ass u sech den Effet de dissuasion, deen hei soll spillen, och wann dat, wéi scho gesot, bei fanatesche Profikiller riskéiert e Voeu pieux ze bleiwen.

Erëm begëtt sech de Législateur hei op eng Gratwanderung, mä mir hunn déi lescht Méint e Spagat gemaach, och an der Kommissioun, fir déi verschidden Definitioune mat eisem Rechtsbefinden ënner een Hutt ze kréien, an trotzdeem der Philosophie vum Projet de loi gerecht ze ginn, d'Gratwanderung tëschent dem legitime Wëllen d'Bevölkerung virum Terrorismus ze schützen, an der Gefor eis demokratesch Prinzipien ze verletzen. Zum Beispill kënnten net terroristesch Krimineller zu extrem heije Prisongsstrofe veruerteelt ginn. D'Lydie Err huet dat virdru scho gesot, well déi zwee objektiv Kritäre present sinn an dee subjektiven an hir Dot eraninterpretéiert kënnt ginn oder gouf ginn ass.

D'Forces de l'ordre an de Service de renseignement ginn hei mat deem System héich gefuerdert an héich responsabiliséiert. Genau musse mir dorop oppassen, dass déi nei Pouvoiren, déi mer der Justiz bei der Bekämpfung vum Terrorismus zur Verfügung stellen, seriö, sachlech an extrem virsichteg ausgeübt ginn.

Här President, dat zweet Merkmal vum modernen Terrorismus, dat ech ervirgestrach hunn, ass säi globale Charakter. Ech hunn a menger Aleedung schonn drop higewisen, dass dës Zort vun Terrorismus nëmme kann duerch eng ganz enk Kollaboratioun tëschent den Autoritéiten um internationale Plang bekämpft ginn. Eng Viraussetzung dofir ass eng Harmoniséierung vun den nationale Législatiounen um Gebitt vum Terrorismus.

De Gesetzesprojet, deen haut soll gestëmmt ginn, ass en extrem wichtege Schrëtt an dës Richtung. Hien ass nämlech d'Transpositioun an eis Lëtzebuerger Gesetzgebung vun deenen Exigenzen, déi sech an der Décision-cadre vum Conseil Justice et Affaires intérieures vun der Europäescher Unioun vum 13. Juni 2002 befannen. D'Décision-cadre vun der EU harmoniséiert d'Definitioun vum Terrorismus op europäeschem Niveau, an et ass d'absolut Basisviraussetzung, fir dass mer virukommen. Et ass dat essentiel, wesentlech, fir dass kann effizient an effikass géint den Terrorismus virgaange ginn. Gläichzäiteg gi Regele festgeluecht, wat fir eng Geriichtsbarkeet, wat fir eng Juridictioun kompetent ass, wann en terroristesche Grupp iwwert d'nationalen Grenzen eraus operéiert.

De Gesetzesprojet stellt och d'Approbatioun vun der internationaler Konventioun iwwert d'Bekämpfung vum Finanzement vum Terrorismus duer, déi den 9. Dezember 1999 vun der Assemblée vun de Vereenegten Natiounen ugeholl gouf. D'Konventioun vun den Vereenegten Natioune betrëfft e wichtegen, en absolut wesentleche Punkt an der Bekämpfung vum Terrorismus. Esou huet den Terrorismus haut finanziell Moyenen zur Verfügung, déi et erméiglechen Operatioune vun engem bis elo onbekannten Ausmooss duerchzeféieren. Dës Finanzquelle mussen ausgedréchent ginn, fir d'Mënscheliewen ze retten.

De Projet de loi iwwert den Terrorismus incriminéiert de Finanzement vum Terrorismus a bestrooft de Geldgeber am selwechte Mooss wéi en den Terrorist selwer bestrooft Hei mussen déi gespente Suen net onbedéngt fir en terroristeschen Akt benotzt gi sinn, fir dass dës Gelder incriminéiert ginn. Dat ass nees eng Verschäerfung vun der aktueller Strofgesetzgebung, mä a mengen Aen ass se justifizéiert.

Menger Meenung no missten hei d'Sanktiounen op déi eventuell Geldgeber eng ofschreckend Wierkung hunn a soumat dëse Volet vum neie Gesetz zur Bekämpfung vum Terrorismus bäidroen. Hei stellt sech natierlech och d'Fro, ob eise Justizapparat effektiv d'Moyenen huet, fir dës Geldgeber opzespieren. Et gëllt nach méi grouss Efforten ze maachen am Domän vun der Bekämpfung vun der Finanzkriminalitéit, fir ze erlaben, dass dëst Gesetz, wat haut zur Debatt steet, en effizienten Impakt kritt.

Interessant ass et och festzestellen, dass den Terrorismus als Infractioun an d'Gesetz iwwert de Blanchiment d'argent opgeholl gëtt. Ech mengen, et ass wichteg. Mir kommen ëmmer méi dozou, dass sämtlech Texter, esou gutt op nationaler wéi op europäescher Ebene, sech momentan ëmmer méi vernetzen, fir dass mer e ganzt Gebilde kréien, fir deem Terrorismus eng breet Front ze presentéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn a menger Ried probéiert ze weisen, dass dëse Gesetzesprojet eisem Justizapparat déi Instrumenter zur Verfügung stellt, fir déi Form vun Terrorismus, wéi mir se mat deenen erschreckenden Evénementer vum 11. September 2001 kenne geléiert hunn, ze bekämpfen. An där Hinsicht ass d'Initiativ vun dësem Gesetzesprojet, mä sinn och déi europäesch Texter, déi him zur Basis leien, absolut ze ënnerstëtzen.

Trotzdeem wollt ech awer och weisen, an ech mengen ech hunn dat elo a mengen Développementer bewisen, dass dës Zort Gesetzer en Impakt kënnen hunn op d'Häerzsteck vun eisem System, nämlech op d'Grondfräiheeten, op d'demokratesch Fräiheete vun onse Bierger. A mengen Ae musse mer dofir sécherstellen, dass mer mat extremer Suergfalt an dësem Domän légiféréieren an eis net scheien d'Validitéit an d'Resultater vun dëse Moossname regelméisseg ze iwwerpréifen.

Ech soen Iech merci a bréngen heimat den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- Merci, Madame Beissel. Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen an domat ginn ech dem Här Jaerling d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt dem Här Rapporteur merci fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, deen dat erëmgëtt, wat am Fong an der Kommissioun majoritär beschloss ginn ass zu dësem Sujet. An nodeem och d'Majoritéit hei duerchgesat huet, dass dëse Projet um Ordre du jour bleift, musse mer eis eben domat ausernaner setzen.

Ech war just e bëssen erstaunt, dass d'DP sech virun der Ofstëmmung iwwert den Ordre du jour hei net geäussert huet. Do kënnt engem jo awer emol de Verdacht kommen, dass och an der DP net jidderee frou ass iwwert dëse Projet. An deem Zesummenhank stellen ech mer dann ëmmer Froe wéi déi Leit da mam Artikel 50 vun eiser Verfassung ëmginn, an ech mengen, déi Froe solle sech emol Verschiddener stellen.

***(Interruptions diverses)***

Här Rippinger, ech liewen ëmmer nom Artikel 50 vun eiser Verfassung. Dat misst Der scho bal eng Kéier hei gemierkt hunn.

Bon, egal wéi een et gesäit, an och wa Verschiddener dëse Projet duerch en ideologesche Brëll kucken, bleift dësem Projet awer trotz allem näischt vu senger Wichtegkeet ewechgeholl. Bis elo war am lëtzebuergesche Recht kee Strofmooss fir den Terrorismus virgesinn, och wann déi eenzel Doten, aus deenen den Terrorismus besteet, strofbar waren. Mord ass strofbar, wéi och Strofdoten, déi d'Sécherheet vum Stat a Fro stellen an esou weider.

Bis elo si mer hei zu Lëtzebuerg glécklecherweis vum Terrorismus verschount ginn. Dat wat mir vum Terrorismus kennen, kenne mer méi oder wéineger aus de Medien. Mir hu keng IRA, mir hu keng ETA, an och vum Terrorismus, wéi deen, dee vun der RAF verbrach ginn ass, si mer glécklecherweis verschount ginn.

Just vläicht de Fall vum Bommeleeër, wann nach ee sech kann dorunner erënneren, hat och hei zu Lëtzebuerg fir Opreegung gesuergt. Dës Bommen hu glécklecherweis nëmme materielle Schued ugeriicht, vläicht well dat och nëmmen esou gewollt war, mä dat huet eis awer deemools och scho virun Ae gefouert, oder hätt eis misse virun Ae féieren, dass och mir an deem Beräich vulnérabel sinn, an awer bis haut hate mer eis nach net d'Méi ginn adequat Moossnamen ze ergräifen. Hätte mer eis deemools vläicht eeschthaft Gedanken driwwer gemaach a légiféréiert, hätten d'Diskussiounen net an esou enger emotionaler an zum Deel och ideologesch orientéierter Atmosphär stattfonnt, a mir hätten och vläicht eng équitabel Léisung am Zesummenhank mam Strofmooss fanne kënnen.

D'Fro am Zesummenhank mam Bommeleeër ass déi, ob dat wat hie verbrach huet, als Terrorismus kann aklasséiert ginn oder einfach als Dote vun enger dérangéierter Persoun. Mä och eng dérangéiert Persoun kann en Terrorist sinn. Mir wëssen et net, well dës Affär ass jo bis haut komescherweis nach net opgekläert. Wa mer dat Gesetz haut stëmmen an de Bommeleeër stellt sech zoufälleg fräiwëlleg, well mir fänken e jo bestëmmt net, da musse mer eis domat ausernaner setzen, ob d'Dispositioune vun dësem Gesetz op hien applicabel gewiescht wieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wa Lëtzebuerg, ausser vun eisem hauseegene Bommeleeër, verschount gouf vum Terrorismus, liewe mer awer net op enger Insel, an dat hu jo déi schrecklech Evénementer eis um internationale Plang hei a leschter Zäit genuch virun Ae gefouert, an och Angschtgefiller an Onsécherheet bei eise Bierger mat sech bruecht. Mir kënnen net einfach ignoréiere wat an der Welt geschitt. Den Terrorismus, wéi dee vun der ETA, vun der RAF oder och vun der IRA, waren a si regional begrenzt. Mir sinn dovun ausgaangen, dass dee sech dofir net bis heihinner géif ausbreeden. Dofir hunn och d'Regierungen

et vläicht net fir néideg fonnt deementspriechend ze handelen.

Den Terrorismus, dee mer awer haut erliewen, gesäit ganz anescht aus a schéngt eis no genuch, fir en ze fäerten, a muss eis derzou bewege besonnesch preventiv ze handelen. Haut kënne mer eis virstellen, dass och Lëtzebuerg enges Dags vum internationalen Terrorismus ka betraff ginn. Dofir menge mer, dass et gutt ass, dass dëse Projet virläit, an dass bei der Bestrofung vun enger Dot enger eventueller Motivatioun a Richtung Terrorismus muss Rechnung gedroe ginn.

Wa mer also kee Problem mat der Noutwendegkeet vun dësem Gesetz hunn, werft de Projet dach awer Froen op, déi mer net einfach esou kënnen iwwergoen. D'Definitioun, wéi den terroristeschen Akt am Artikel 135 (1) definéiert ass, schéngt eis deelweis onkloer. D'Fro stellt sech och: Gëtt et iwwerhaapt eng kloer Definitioun vum Terrorismus? Den éischten Alinea vun deem Artikel schreift: « gravement déstabiliser ou détruire les structures fondamentales politiques, constitutionnelles, économiques ou sociales d'un pays, d'une organisation ou d'un organisme international. » Dës Definitioun schéngt eis kloer.

Den zweeten Alinea awer: « contraindre indûment des pouvoirs publics, une organisation ou un organisme international à accomplir ou à s'abstenir d'accomplir un acte quelconque. » Dee schéngt eis awer e bësse méi bedenklech. Mä wann dësen Alinea natierlech restriktiv géif ausgeluecht ginn, dann dierft u sech och mat dësem Alinea kee Problem optauchen.

Mä den drëtten Alinea: « gravement intimider une population », dat schéngt eis awer e bësse vague a wäit hiergeholl. Wéini kann ee soen, datt eng Populatioun gravement intimidéiert ass?

Fir op de Bommeleeër zréckzekommen, mir hu jo nëmmen dat Beispill: War d'Populatioun deemools gravement intimidéiert duerch d'Bommen, déi materielle Schued op wäit ofgeleeëne Plazen ugeriicht hunn? Kann zum Beispill en illegale Streik am öffentlechen Transport eng Populatioun gravement intimidéieren, wann e sech iwwer länger Zäit erauszitt? Dat si Froen, déi musse gekläert ginn. Dës Definitioun schéngt eis op jidde Fall net prezis genuch, virun allem wann een d'Strofmooss kuckt, dat en terroristeschen Akt jo awer no sech zitt.

Eisen Haaptkritikpunkt vun dësem Gesetz ass awer d'Strofmooss, dat den Artikel 135 (2) erëmgëtt. D'Strofmooss vu 15 bis 20 Joer inspiréiert sech aus der Décision-cadre, déi e Minimum vu 15 Joer virgesäit fir en terroristeschen Akt. Wa mer elo an an der Décision-cadre kucke wat fir eng Strofdoten do als terroristesch definéiert sinn, dann hu mer ënner anerem: les atteintes contre la vie d'une personne pouvant entraîner la mort, l'enlèvement ou la prise d'otages, la libération de substances dangereuses ou la provocation d'incendie, d'inondation ou d'explosion ayant pour effet de mettre en danger des vies humaines an esou weider. 15 Joer minimum sinn do ubruecht an och an de Proportiounen zu eisem Droit. Well wa mer an eisem Code pénal kucken, da gesi mer, datt d'Strof fir eng Prise d'otages 15 bis 20 Joer virgesäit.

Elo komme mer awer zu deem, wat mer als ADR un dësem Projet virun allem kritiséieren, net well eng Strofdot an engem terroristeschen Zesummenhank méi schwéier bestrooft gëtt wéi eng Strofdot ausserhalb vun engem terroristeschen Zesummenhank, mä well dëst Gesetz eiser Meenung no iwwert d'Zil erausschéisst. Well wa mer analyséiere wat mat deem virleiende Projet kënnt bestrooft ginn, do huelen ech zum Beispill en einfacht Beispill, de Recel vu gestuelene Gidder, an eisem Code pénal ass eng Strof vu 15 Deeg bis 5 Joer virgesinn. Deem zukünftegen Artikel 135 (1) no kann dës Dot, wa se am Zesummenhank steet mat engem terroristeschen Akt, mat enger Prisongsstrof vu 15 bis 20 Joer bestrooft ginn. Déiselwecht Dot kann also jee no Kontext zu enger Strof vu minimum 15 Deeg oder minimum 15 Joer féieren.

Domadder wëlle mer net soen, datt der Circonstance agravante, wann dës Dot an Zesummenhank mat engem terroristeschen Akt steet, net soll Rechnung gedroe ginn, mä mer mengen awer, datt déiselwecht Dot an deem enge Fall mat maximal 5 Joer an an deem anere Fall mat maximal 20 Joer, also véierfacht bestrooft gëtt, iwwert d'Zil erausschéisst an domat d'Proportionalitéit vun de Strofen, ee vun eise Rechtsprinzipien, domadder eeschthaft a Fro stellt.

Mir sinn ëmsou méi der Meenung, datt et net néideg ass eis Rechtsprinzipien a Fro ze stellen, wat d'Fransousen eis virgemaach hunn, wéi een eng Dot méi schwéier bestrofe kann ouni d'Grondlage vun eisem System a Fro ze stellen. D'Fransousen hunn an der Gesetzgebung, wat den Terrorismus betrëfft, eng Staffelung agefouert. Wa mer hire System op eis Gesetzgebung uwende géifen, da géif de Recel an engem terroristeschen Zesummenhank amplaz mat 25 Deeg bis 5 Joer, mat 25 Deeg bis 7 Joer bestrooft ginn.

Den ADR ass der Iwwerzeegung, datt d'Décision-cadre net de Recel an engem terroristeschen Zesummenhank am A hat, wéi se e Minimum vu 15 Joer festgeluecht huet. Eng Staffelung, wéi se am franséische Gesetz virgesinn ass, schéngt eis also am Aklang, net nëmme mat der Décision-cadre, mä och mat eise Rechtsprinzipien.

Eng nach méi grave Disproportioun am Strofmooss, déi dëst Gesetz als Konsequenz huet, ass déi, datt déi 15 bis 20 Joer Strof sech op all Strofdot bezitt, egal wat dës Strofdot ass. Recel, Prise d'otages, Brandstëftung, Leeë vun enger Bomm, alles gëtt an een Dëppe geschmass a mat 15 bis 20 Joer bestrooft. Et gëtt also keen Ënnerscheed tëschent dem Recel an enger Prise d'otages gemaach. De Prinzip vun der Proportionalitéit vun de Strofe gëtt also duerch dëst Gesetz opgehuewen. Et kënnt nach derbäi, dass d'Prise d'otages elo schonns mat 15 bis 20 Joer Prisong bestrooft gëtt. No dësem Gesetz gëtt d'Prise d'otages mat engem terroristeschen Hannergrond nach ëmmer nëmme mat 15 bis 20 Joer Prisong bestrooft.

Et ass och schwéier novollzéibar wuerfir eng relativ harmlos Dot, ech mengen ënner Guillemets, wéi de Recel, 5-mol méi schwéier bestrooft gëtt wann en en terroristeschen Hannergrond huet, während d'Prise d'otages d'selwecht bestrooft gëtt, ob se elo en terroristeschen Hannergrond huet oder net.

Här President, et ass schwéier sech haut ze entscheede fir oder géint dëst Gesetz. Engersäits besteet d'Noutwendegkeet fir preventiv, awer geziilt géint den Terrorismus virzegoen, anerersäits sinn awer an dësem Gesetz eng Rei Ongereimtheeten dran, déi engem ze denke ginn. Dës hu mer versicht als ADR hei opzezielen an och a verschiddenen Diskussioune versicht ze analyséieren. Och all déi Argumenter, déi meeschtens vun ideologescher Siicht komm sinn, och déi hu mer versicht nozevollzéien.

Kloer ass awer fir eis, datt mat dësem Gesetz keng fräiheetlech Grondrechter a Fro gestallt ginn. Fazit ass, datt mer e Gesetz brauche wat kloer mécht, wat en Terrorist hei am Land ze erwaarden huet. Et ass och ugedeit ginn, dass d'Fräiheet géing a Fro gestallt gi mat dësem Gesetz, an ech sinn einfach der Meenung, dass een, dee Strofakte mécht, seng Fräiheet selwer a Fro stellt an domadder op seng fräiheetlech Grondrechter verzicht, wann hien eng Strofdot mécht. Ech mengen, dat ass an alle Fäll esou. D'Fräiheet, déi hei am Land a Fro gestallt gëtt, gëtt a Fro gestallt duerch Anarchisten an Terroristen an déi dierfe mer net gewäerde loossen an do musse mer kloer Akzenter setzen, dass mer hei am Land drop virbereet sinn, fir dat ze verhënneren.

Kloerstelle wëlle mer och, datt et net duer geet repressiv ze ginn an ze mengen dann hätte mer eist gemaach. Ech mengen an der Vergaangenheet hate mer verschidde Gesetzer, do hu mer gemengt wa mer repressiv géife virgoen, dat géif duer goen. Ech menge bei der Drogegesetzgebung hu mer jo gesinn, dass dat net duer geet. Mä wichteg ass virun allem d'Preventioun an d'Zesummenaarbecht mat den internationalen Instanzen, fir d'Gefore fréizäiteg ze erkennen a se och esou gutt wéi méiglech kënnen ze neutraliséieren.

Wichteg ass awer besonnesch eng objektiv an onideologesch Opklärung vum Bierger ze garantéieren. Eng Opklärung, déi engersäits op d'Geforen opmierksam mécht an hien zur Mataarbecht oprifft, anerersäits muss et awer esou duergestallt ginn, datt mer net an eng Welt vun Denunziatismus oder Xenophobie erarutschen, déi eis ganz Integratiounsinitiative kënnt a Fro stellen.

Här President, och wa mer hei uganks d'accord ware fir de Projet nach eng Kéier ze analyséieren, schéngt et eis awer wichteg eng kloer Ofschreckung am Zesummenhank mam Terrorismus anzeféieren. D'Fro, déi sech just stellt, ass déi: Kënne mer Persounen, déi bereet sinn hiert Liewen ewechzegeheie fir eng ideologesch, politesch oder reliéis Saach, iwwerhaapt ofschrecken?

Den ADR wäert dëse Projet stëmmen, well mer der Meenung sinn, datt mer trotz allem mussen deen éischte Schrëtt maache fir dem Terrorismus entgéint ze wierken an net nach solle Méint waarden oder waarde bis wierklech eppes geschitt, wann op eemol e Bommeleeër optaucht, dee méi geziilt virgeet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagenerageschriwwen. Madame Wagener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Ech wéilt ufänke mat enger klenger Anekdot.

Ech war virun e puer Deeg op engem europäesche Flughafen, an ech wollt mir, ier ech an de Fliger geklomm sinn, nach schnell eng Tut Nëss kafen an esou engem last minute shop. Do sot de Mann hannert der Théik, ech misst mäi Flugticket ginn, hie misst d'Nummer opschreiwen. Ech sot: Wéi dann, well ech eng Tut Nëss kafen? Hie sot: I have to check.

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass d'Atmosphär, déi haut an Europa herrscht, zumindest op gewësse méi sensible Plazen. Et ass eng Atmosphär vu Repressioun a vu Mësstrauen.

Wat huet déi Anekdot mat deem Projet de loi ze dinn, dee mir haut hei stëmmen? Ech ka schonn héieren, dass d'Leit dee Lien net gesinn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Ech denken, dass et e Lien gëtt. Ech denken, dass déi Moyenen, déi géint den Terrorismus agesat ginn, ganz oft Moyene vun Iwwerwaachung a vu Kontroll sinn. Déi Moyenen hunn eng komplett nei Dimensioun erreecht zënter dem 11. September 2001. Och um Niveau vun der Gesetzgebung schléit sech dësen neie Geescht nidder. Repressiv Gesetzer gi geschafen oder verschäerft. An d'Repressioun gëtt och als Haaptmëttel oder souguer heiansdo als eenzegt Mëttel gesinn, fir géint dës Form vu Kriminalitéit virzegoen. Dat ass awer eng Form vu Kriminalitéit, déi no ganz anere Schemae funktionéiert wéi déi gewéinlech. D'Terroristen hänke gewéinlech net un hirem Liewen. Si gi wahrscheinlech och net a Strofbicher kucke wéi héich Strofe se kënne riskéieren, wa se e gewëssen terroristeschen Akt maachen, mä si si vun enger Iddi motivéiert a gedriwwen, déi si selwer als déi eenzeg richteg aschätzen, an déi hir Doten an hiren A justifizéiert.

Dës reng repressiv Approche vun och elo europäesche Staten, an dann och vu Lëtzebuerg, wat déi Décision-cadre ëmsetzt, déi op eng politesch Analys verzicht, déi geet menger Meenung no um Phenomeen vum Terrorismus laanscht. Et feelt eng politesch Analys, an ech wéilt do e puer Beispiller ginn.

Wann een den Exposé des motifs kuckt, da kann een do liesen, mir misste „lutter de manière efficace contre la menace grandissante du terrorisme“. Dat ass vläicht net falsch. Wann een de Rapport vun der Kommissioun liest, da steet do ze liesen „structures nébuleuses et rusées“. Dat ass och vläicht net falsch, mä méi wäit geet d'Analys, déi gemaach gëtt, an deenen Texter net. Dat ass eng relativ verkierzten Approche a mech erënnert se e bëssen un amerikanesch Filmer, wou et ëmmer e Béise gëtt, deen déi etabléiert Uerdnung a Gefor bréngt a wou d'Happy End dann antrëtt, wann e sécher hanner Gitter gesat ginn ass. Et ass eng Approche, déi iwwregens och am Sproochgebrauch vum Här Bush erëmkënnt, wann hie vun der Achs vum Béise schwätzt.

Den Terrorismus brécht awer net iwwer eis era wéi eng Naturgewalt, mä et ass d'Reaktioun op jorzéngtelaang politesch an ekonomesch Entwécklungen. Et ass oft eng Äntwert op Ënnerdréckung an Ausbeutungsverhältnisser. Et ass eng Äntwert mat där een natierlech net brauch d'accord ze sinn, an et ass eng, déi een eiser Meenung no, als demokratesch denkende Mënsch, ganz kloer muss veruerteelen. Mä dat entléisst eis awer net aus eiser Pflicht, Dir Dammen an Dir Hären, fir iwwert d'Ursaache vum Terrorismus nozedenken.

D'Ausbeutung vun der Drëtter Welt, de Kolonialismus, deen a modern verpaakter Form weiderlieft, den Opportunismus mat deem d'USA an och Europa, jee no Konjunktur, deen een oder deen anere Regime aus der Drëtter Welt ënnerstëtzen, fir en dann erëm, wann d'Konjunktur sech ännert, zu Gonschte vun engem anere falen ze loossen. Ech verweisen do op déi ganz pertinent Analys vun der Chambre de Travail, déi do nach eng Rei Beispiller och gëtt.

Déi rabiat Ëmsetzung vun ekonomesche Globaliséierungskonzepter, d'Arroganz an de Rassismus vum Weste par rapport zu deenen anere Kulturen, dat ass d'Basis op där d'Iddi vum Terrorismus, dee jo eng Form vum Oplehnung géint de politesche System ass, eréischt entsteet, an déi entsteet och meeschtens dann, wann de Spillraum fir demokratesch Reformen ëmmer méi kleng gëtt.

D'Madame Beissel an och anerer virdrun haten op d'IRA higewisen. Sécherlech d'IRA ass eng terroristesch Associatioun, mä et ass eng Reaktioun, déi een an en historesche Kontext muss setzen, an et muss een och drun denke wéi England mat Irland eng ganz Zäit laang ëmgaangen ass. Dat kann een net einfach ignoréieren. D'selwecht, fir en anert Beispill ze nennen, Tschetschenien. Natierlech kann een net mat deenen Terroristen d'accord sinn, mä et muss een awer och de Kontext gesi vun engem Land, wat vu Russland futti gemaach an ausgeblutt ginn ass.

Här President, dat ass sécherlech net déi eenzeg Erklärung, wuerfir den Terrorismus vun haut bal ëmmer eng fundamentalistesch reliéis an antidemokratesch Konnotatioun huet, mä et weist, dass de Modell vun der westlecher laizistescher Demokratie, anescht wéi viru vläicht nach 30 Joer, an de Länner vun der Drëtter Welt net méi a Moud ass, mä dass déi, déi sech géint Ausbeutung an Ongerechtegkeet oplehnen, dat ëmmer méi an antimodernistesche Forme maachen, an dass et besonnesch Jonker sinn, déi sech a Palästina oder a Russland op eng mäerderesch Aart a Weis, an net nëmme sech selwer mä aner Leit mat ëmbréngen, oder sech soss op der Welt terroristesche Réseauen uschléissen, deenen hiert Fernzil net méi d'Demokratie mä e Gottesstat ass. Dat ass net nëmmen extrem beonrouegend, mä och en Ausdrock dovun, dass sech zumindest a gewëssene Bevölkerungsschichten vun deenen neie Generatioune par rapport zum Westen näischt méi erwaart gëtt.

Et gëtt natierlech och Theorien, déi dat e bëssen anescht gesinn, net esou negativ, an déi soen, dass déi terroristesch Bewegungen an hiren Ursprungslänner oft net dee Réckhalt hunn oder déi Verankerung, wéi mir dat an eise Medien ëmmer erëm och virgemaach kréien, mä dass u sech dat och eng Erpressungsmethod vis-à-vis vun den eegene Bevölkerungen ass, fir déi Leit, déi no méi Demokratie striewen, och ze stéieren an opzehalen.

Par rapport zu dësen Tendenzen, déi sech awer op där ganzer Welt äusseren, wär et fierchterlech onadequat, wann d'Äntwert vum Westen sech op banal Repressioun géif reduzéieren, mä genau dat ass awer dat, wat elo mat där Décision-cadre geschitt ass, well déi Décision-cadre, dat staarkt politescht Signal, wat se soll ginn, déi haut dann och hei ëmgesat gëtt, reit sech net an e globaalt europäescht Konzept vu politeschen Äntwerten an, dat och de Versteesdemech tëschent de Kulturen oder de Kampf géint ekonomesch Ongerechtegkeete géif beinhalten, mä se steet eleng do.

Här President, si geet och net op d'Problematik a wéi een tëschent Befreiungsbewegungen an terroristesche Gruppéierunge kann differenzéieren. D'Madame Err huet virdru schonn eng Rei vu Beispiller genannt, déi weise wéi schwiereg, dass dat ass. Mir ass ënner anerem och nach den Nelson Mandela a säin ANC agefall, dee während Jorzéngten op eng ganz militant, fir net ze soe gewaltvoll Aart a Weis virgaangen ass, ANC, deen trotzdeem ëmmer als Befreiungsbewegung gegollt huet, an en Nelson Mandela, deen haut vun deene Gréissten op der Welt hoféiert gëtt.

***(Interruption)***

Et gëtt eng ganz Rei vu Beispiller, wéi den Här Garcia och elo drop hiweist.

Dës Approche ignoréiert awer nach eppes anescht. Si ignoréiert den Zynismus vun de Grousswuechten, déi oft aus reng finanzielle Beweggrënn ëmmer erëm terroristesch Gruppéierungen oder Leaderen ënnerstëtzen, well et se an engem gewësse Kontext arrangéiert. A grad d'USA si jo bekannt dofir, dass se ondemokratesch Regimer an och ganz zweifelhaft Eenzelpersounen ëmmer erëm ënnerstëtzen. Ech denken un den Irak an de Saddam Hussein. Ech denken un de Bin Laden. Et gëtt nach eng Rei vun anere Beispiller, wou d'Blat sech ganz spéit gedréint huet a wou dann och vergiess gëtt wéi d'Vergaangenheet eigentlech war.

Dass ee muss op d'Gefor vum Terrorismus reagéieren, dat stellen och mir als Gréng net a Fro, mä

d'Fro ass awer mat wéi enge Moyenen a wat wëllt een erreechen? An do kommen ech dann op d'Fro vun der Effikassitéit, eng Fro, déi vun der Madame Cesoni an hirem Artikel „Terrorisme et involutions démocratiques" am Detail analyséiert ginn ass, en Artikel, dee mir an der Kommissioun och vill gekuckt hunn, well en ënner anerem och vum Conseil d'Etat a sengem Avis zitéiert ginn ass.

D'Madame Cesoni stellt déi kruzial Fro: Brauch Europa nei Terrorismusgesetzer, a wann neen, wuerfir déngen se dann? Hir Äntwert ass, fir hiren éischten Zweck, den Terrorismus ze bekämpfen, bréngen déi nei Gesetzer relativ wéineg, mä si hunn aner Funktiounen. Si hunn engersäits eng symbolesch Funktioun a si hunn anerersäits eng operationell Funktioun.

Déi zwou Décisions-cadre iwwert den Terrorismus an iwwert de Mandat d'arrêt ginn iwwregens ëmmer als Reaktioun op den 11. September duergestallt. Dat stëmmt esou net. Si goufen zwar kuerz duerno vun der EU-Kommissioun virgeluecht, mä si ware scho Bestanddeel vun deem Programme d'action, deen 1999 zu Tampere festgehale gi wor.

Ech kommen da méi am Detail op d'Décision-cadre ze schwätzen, déi haut hei ëmgesat gëtt an ech wëllt do och e bësse méi e kriteschen Toun uschloe wéi dat virdru vun der Spriecherin vun der LSAP geschitt ass. Ech mengen, datt schonn hei fundamental Problemer optauchen. Et gëtt eng ganz Rei vun Infractiounen opgelëscht, déi sollen am Fall vum Terrorismus méi streng bestrooft ginn. Fir d'éischt emol stellt sech hei déi grondsätzlech Fro, ob een eng Hierarchie vun de Motivatioune kann opstellen. D'Madame Beissel huet virdru gemengt, jo. Ech sinn do e bësse méi skeptesch. Ass e Crime méi schlëmm, jee nodeem aus wéi engem Motiv e geschitt, a wa jo, ass dann en terroristescht Motiv, wat zum Beispill zum Mord un enger Persoun féiert, méi grave wéi platt finanziell Beweggrënn oder mafiös Motiver? Dat ass eng relativ schwiereg an heikel Fro.

Doniewent stellt sech awer grad esou eng delikat Fro, déi vun der Definitioun vum Terrorismus. Scho virdrun, ier déi Décision-cadre komm ass, hu sech eng Rei vu Leit dorunner versicht, meeschtens mat net ganz vill Succès. Esou mengt zum Beispill de Rapporteur spécial des Nations Unies sur le terrorisme: „Jusqu'à présent il a été impossible à la communauté internationale d'arriver à une définition généralement acceptable." An och bei den Aarbechte fir de Statut vun der Cour pénale internationale ass et op dësem Punkt net zu engem Accord komm.

ONGen, Gewerkschaften an d'Société civile am Allgemenge weisen drop hin, datt déi Infractiounen, déi vun der Décision-cadre viséiert sinn, duerchaus och kënnte bei militanten Aktiounen ufalen, zum Beispill vu Gewerkschaftler, vu Globaliséierungsgéigner an esou virun. Et sinn hei besonnesch d'Infractiounen h, i, j, k an l, déi gemengt sinn. Ech liesen se net all am Detail no. Dir kënnt dat am Text gesinn.

Da gëtt geäntwert vun deene Leit, déi déi Décision-cadre ausgeschafft hunn, oder se verteidegen, jo, mä dat ass jo nach net alles, et muss och nach en terroristesche But verfollegt ginn. An dofir spillt och d'Definitioun vum Terrorismus eng immens wichteg Roll. Dat ass awer net esou einfach. Ech bréngen nach en Zitat vun der Madame Cesoni: „Comment identifier de manière univoque la frontière entre terrorisme, extrémisme violent, opposition politique, lorsque les actions matérielles sont identiques?" An net nëmmen terroristesch Akte si jo hei viséiert, mä och nach d'Memberschaft an terroristesche Gruppéierungen, d'Participatioun esouguer u liciten Aktivitéiten.

Dat stellt dann indirekt och de Problem vun deene Lëschten a Fichieren, mat deenen am Kontext vum Terrorismus geschafft gëtt. Bei där Décision-cadre hänkt nämlech als Annex eng Lëscht un, vun där ech och d'Fro gestallt hat, wéi e juristesche Stellewäert se dann eigentlech hätt, wou eng Rei vun terroristeschen Organisatiounen an och vun Eenzelpersounen opgezielt ginn. Ech hat och gefrot wéi déi zu Stane komm ass. Ech hunn herno nogelies, datt op alle Fall d'Europaparlament déi Lëscht net konnt virdru consultéieren, dat heescht, datt se also wahrscheinlech vun de Regierungen op Basis vun den Erkenntnisser vun hire Geheimdéngschter zesummegestallt ginn ass. D'Fro stellt sech awer, ob d'Regierungen an hir Geheimdéngschter ëmmer esou gutt gebrieft sinn, respektiv firwat datt déi Lëscht bestänneg erneiert an erweidert gëtt nom selwechte wéineg transparente Muster.

Déi lescht Versioun ass iwwregens eréischt e puer Wochen al, si ass vum 28. Juni. Schonn zënter enger Zäit stinn op där Lëscht och d'Volleksmudschahedin. Nodeem se säit Joren als Befreiungsbewegung ugesi goufen an och an dësem Parlament offiziell emfaange goufen, ass et awer de 16. Juni a Frankräich zu Verhaftunge komm, och opgrond vun dëser Lëscht. Iwwregens huet och eise Parlamentspresident sech fir déi virleefeg Fräiloossung vun der Madame Maryam Radjavi agesat, wat ech als en Akt vun Zivilcourage appréciéieren, mä och hie muss sech elo d'Fro stellen, ob hien net ënnert deem neie Gesetz als Symphatisant vun enger Terroristin agestuft a vum Spëtzeldéngscht fichiéiert gëtt.

Deen dote Fall, Här President, weist op alle Fall ganz kloer wéi arbiträr d'Method vun där Lëscht ass a wéi schnell ee vum militante Befreiungskämpfer zum Terrorist ka ginn.

En anert Beispill vu Lëschten oder vu Fichieren, ass de Schengener Informatiounssystem. An do hu mer dann e spezifescht Lëtzebuerger Beispill, nämlech dat vum Här Ahmed Flidja, deen de 4. Juli 2000 vun der Lëtzebuerger Regierung ofgeschobe ginn ass, trotz dem zivile Widderstand vun enger Rei vu Manifestanten, an zwar well hie laut Schengener Informatiounssystem der Terrororganisatioun GIA géif no stoen. Deeselwechten Här huet no ville Péripétien elo endlech a Frankräich en Titre de séjour krut. Dat weist ënner anerem och, datt esou Inscriptiounen oft guer net haltbar sinn.

En drëtt Beispill ass dat vun enger Rei vu Participanten um Sommet vu Genua, vun deenen och muncher iertümlech als Terroristen agesat goufen. Mä, an do komme mer zum wierkleche Kär vun der Décision-cadre, d'Madame Cesoni seet: „Inutile pour poursuivre, ce type d'infraction est utile pour rechercher." D'Pouvoirs policiers gi bei der Enquête méi grouss - et hu schonn eng Rei vu Virriedner a Virriednerinnen op déi Problematik higewisen -, wann ee sech op d'Incriminatioun vum Terrorismus baséiere kann. Den Asaz vun de Geheimdéngschter kritt esou eng nei Justificatioun.

Datt mat deem System Abüe virprogrammëiert sinn, dat konnte mer och schonn ouni dat neit Gesetz erliewen. Ech erënneren lech un d'Aktioun, déi an den islamistesche Kreesser virun enger Rei vu Wochen oder Méint stattfonnt huet. Déi Aktioun huet ënner anerem dozou gefouert, datt och Leit ausgewise goufen, déi keen anere Crime opzeweisen haten, wéi datt se illegal am Land waren. Wann d'Police hei net ënnert dem Label vun der Terrorismusbekämpfung aktiv gi wär, wär se ënner Ëmstänn guer net op déi Leit gestouss. Dës soidisant Nieweprodukter wäerte sech heefen, wann dat neit Terrorismusgesetz zum Asaz kënnt. An d'Fro gëtt vun der Madame Cesoni opgeworf, ob esou Gesetzer net mëssbraucht kënne ginn, fir méi einfach ordinär Infractiounen ze konstatéieren. Grad am Beräich vun der illegaler Immigratioun ass dee Risiko natierlech besonnesch grouss.

Här President, verschidde Länner hu schonn zënter Joren Terrorismusgesetzer. Dat huet net verhënnert, datt sech och do terroristesch Strukture weider verbreet hunn. Ech denken zum Beispill un Däitschland, wou bei de Castor-Transporter Anti-AKW-Widderständler iwwerwaacht a bespëtzelt gi mat risegem personellen an technneschem Opwand, wann awer gläichzäiteg beim Attentat vum 11. September dësen Attentat an deemselwechte Land Däitschland mat virbereet ginn ass, ouni datt d'Geheimdéngschter do vill konnten dergéint ausriichten.

Dat weist menger Meenung no drop hi wéi limitéiert dach awer d'Mëttel vun der Repressioun an där heiter Problematik ass.

Här President, ech kéim dann endlech zum Projet de loi selwer. Duerch déi Décision-cadre ass Lëtzebuerg also eigentlech gezwongen sech eng spezifesch Terrorismusgesetzgebung ze ginn.

Dir Dammen an Dir Häre, mir hu bis haut zu deene Länner gehéiert, an dat si mer eis vläicht net esou richteg bewosst, déi bis elo drop verzicht hunn esou eng spezifesch Gesetzgebung ze hunn, an ech wëllt do e Journalist zitéieren aus dem Lëtzebuerger Land, de Peter Feist: „Vor allem die skandinavischen Staaten und die Benelux-Länder stehen vor einer Zäsur in ihrer Geschichtsschreibung." Wann een also u sech scho ka skeptesch sinn iwwert d'Ausriichtung vun der Décision-cadre, da wërft awer déi Lëtzebuerger Iwwersetzung an e Projet de loi nach weider Froen op.

Et ass schonn drop higewise ginn, dass dës Iwwersetzung vill méi wäit geet a méi vaste ass wéi dat wat eigentlech um europäeschen Niveau verlaangt ginn ass.

Éischtens stellt sech d'Fro vun der Lëscht vun den Infractiounen. Déi Problematik ass hei schonn ugeschnidde ginn. All Crime oder Delikt, wou d'Héchststrofmooss mindestens dräi Joer ass, gëtt hei considéréiert, amplaz datt ee sech genee un déi Lëscht géif halen, déi vun der Décision-cadre virgi gëtt. Dat wär vläicht, wann een an déi aner Richtung gaange wär, méi opwänneg gewiescht, fir déi Infractiounen an eisem Code pénal ze cernéieren, mä et wéisst een awer wou een dru wier.

Mir haten do eng ganz Rei vun Diskussiounen an der Commission juridique a mir kruten och zu engem gewësse Moment eng Lëscht mat den Infractiounen, déi ënnert de Modell vum Mindesthéchststrofmooss vun zwee Joer gefall sinn, mat der Prezisioun, datt een awer guer net hätt all dës Infractioune kënnen erëmfannen, well et wären der därmoosse vill, dat heescht déi Lëscht war eigentlech schonn emol net komplett. Et wousst een also du schonn net, wat alles géing dorënner falen. Dunn huet d'Kommissioun décidéiert fir vun zwee op dräi Joer eropzegoen, mir kruten awer keng nei Lëscht presentéiert. Wat also en fin de compte geännert huet, wéi vill Infractioune manner elo viséiert sinn, wéi eng ewechfalen a wéi eng iwwreg bleiwen, dat si mer net gewuer ginn.

Här President, ech géif éischter mengen, dass et gutt gewiescht wär wann d'Regierung déi Aarbecht gemaach hätt an dat prezis an den Text dra geschriwwen hätt, dann hätten net nëmmen d'Terroriste gewosst wou se sech sollen drun halen, mä mir hätten och gewosst wat dat Gesetz hei géif beinhalten.

Här President, et ass och gesot ginn, dass keng Gradatioun vun de Peinë gemaach ginn ass, do brauch ech also net méi drop anzegoen. An da ginn zweetens awer eng Rei vun anere spezifeschen Infractioune geschaaft, haaptsächlech par rapport zum Groupe terroriste, an och hei stellt de Statsrot fest, dass d'Appartenance zu enger terroristescher Struktur méi streng bestrooft gëtt wéi déi zu enger mafiöser. Hei kënnt also och erëm eng Kéier déi Bewäertung eran, vun där ech scho virdru geschwat hunn.

Drëttens gëtt eng Dispositioun vun der Décision-cadre vum Projet de loi net iwwerholl, an zwar déi, dass näischt an dëser Décision-cadre kéint als Entrave op d'Mënscherechter interpretéiert ginn. An d'Arbeiterkammer weist zwar mat Recht drop hin, dass dat eng Déclaration d'intention ass, déi wahrscheinlech juristesch net ganz vill Wäert huet, mä et ass awer trotzdeem interessant an et schwätzt fir sech, dass de Projet de loi dee Saz net mat iwwerholl huet. Ech hat dat och an der Kommissioun bemierkt, et huet awer net ganz vill geännert.

Véierte Punkt. D'Ëmsetzung vun der Konventioun vun den Nations Unies iwwert de Finanzement vum Terrorismus. Do huet den 11. September sécherlech gehollef, fir dass déi méi schnell ëmgesat gëtt oder ginn ass, nämlech schonn den 20. September duerno, also néng Deeg nom Attentat op de World Trade Center, well eigentlech läit déi Konventioun schonn zënter dem 10. Januar 2000 zur Ënnerschréft vir. Eigentlech hat d'Assemblée générale vun der UNO schonn 1996 an 1997 a Resolutioune festgehalen, dass d'Länner hir Gesetzgebung an där Matière solle verstäerken.

Fënneftens, och beim Blanchiment huet et missen zum 11. September kommen, fir dass d'europäesch an an der Suite och déi Lëtzebuerger Gesetzgebung méi streng gëtt, wat jo fir Lëtzebuerg och méi en delikate Sujet ass, an ech hunn den Androck gehat, dass d'Reform vun 1998, déi jo nach net esou laang zréckläit, wahrscheinlech do och net terribel wäit gaangen ass, soss misste mer elo net hei all dës Reformen duerchféieren a soss misste mer och net e ganze Projet de loi elo nach eng Kéier erabréngen, deen dann deemnächst hei och wäert zur Diskussioun stoen.

Sechste Punkt. D'Problematik vun den Ecouten. Nom Modell vun der Organisation criminelle gëtt de Code d'instruction criminelle geännert, wat d'Informatiounspflicht iwwert d'Ecoutë betrëfft. Do gëtt vum Délai, fir d'Persounen ze informéieren, déi ofgehéiert goufen, deen op maximal zwielef Méint fixéiert gi war an deen eng wichteg Brems eigentlech duerstellt fir déi individuell Rechter ze garantéieren, dérogéiert, an zwar net nëmme fir de Fall vum Terrorismus, vun deem mer hei schwätzen, mä och nach fir d'Organisation criminelle an de grand banditisme.

Ech wéilt da ganz kuerz, Här President, op de Mandat européen agoen, deen ass zwar net an dësem Projet mat dran, mä eigentlech sinn déi zwee Projeten oder déi zwou Décisions-cadre, déi hei sollen ëmgesat ginn, zwee Elementer vun enger Politik. Ech hat scho virdrun, wéi mer iwwert den Ordre du jour geschwat hunn, d'Fro opgeworf, firwat dës zwee Projeten net gemeinsam diskutéiert ginn. Huet dat eventuell déiwer Grënn, sollen do Lienen net ersichtlech gemaach ginn?

Dee Mandat européen bedeit nämlech eng Vereinfachung vun de Prozedure bei enger Rei vun Infractiounen, ënner anerem den Terrorismus, an dat huet zur Konsequenz, wann ee wéinst Terrorismus arrêtéiert gëtt, wéi zum Beispill d'Madame Radjavi, vun där ech virdu geschwat hunn, oder wéi aner Leit, dass een dann och kann un en EU-Land ausgewise ginn, an dass dann de Prinzip vun der double incrimination net méi spillt.

Am Klortext, wann e mutmasslechen Terrorist opgrond vun engem Mandat vun engem anere Memberstat zu Lëtzebuerg zum Beispill festgeholl gëtt, da kann dat och opgrond vun enger présuméierter Infractioun geschéien, déi nëmmen an deem aneren, also am Emissiounsland, mat mindestens dräi Joer Héchststrof beluecht ass, an net zu Lëtzebuerg. Dat heescht de Spillraum fir Festnahmen ass also reell nach méi grouss, wann de Mandat européen kënnt, wéi mir dat hei elo an dësem Projet de loi eigentlech gesinn. Dofir wär et enorm wichteg gewiescht, dass mer déi zwou Saachen hätte kënnen zesummen diskutéieren.

Här President, wéi mer an der Kommissioun iwwert dëse Projet geschwat hunn, an ech mengen et wor an der leschter Sitzung, do huet den Här Minister gemengt, hie géif dovun ausgoen, dass dat Gesetz hei zu Lëtzebuerg kaum géif zur Uwendung kommen. Dat heescht et wär also haaptsächlech e politescht Signal. Wann et e politescht Signal ass, da freet ee sech awer fir wien. Ass et nëmmen e Signal fir de Bin Laden und Konsorten, oder ass et och e Signal fir all déi, déi Kriticke vis-à-vis vum bestehende System unzemellen hunn?

Et sinn déi berechtegt Ängschten, déi eng Rei vun ONGen, Gewerkschaften a Parteien dozou bruecht hu sech kritesch ze äusseren an déi och e Grupp vu Jonken zum Ofhale vun engem Hongerstreik beweegt huet, eng Saach déi jo zu Lëtzebuerg net grad alldeeglech ass. Déi Ängschten, menge mir, sollt een als Regierung seriö huelen amplaz se ze ridiculiséieren, wéi den Här Juncker dat anscheinend leschte Freide gemaach huet.

Ech kéim dann zu menger Konklusioun. Mat Décisions-cadre wéi där virleiender a mat Ëmsetzungsgesetzer, déi nach iwwert d'europäescht Zil erausschéissen, wéi deem wat d'Lëtzebuerger Regierung hei proposéiert, ginn d'Acquisë vum demokratesche System a Fro gestallt. An et gëtt schlussendlech genau dat gemaach wat de finale But vun deenen Terroristen haut ass, déi haut op der Welt haaptsächlech aktiv sinn: Zerstéierungen, d'Zerstéierung vun den demokratesche Strukturen, d'Zerstéiere vu fundamentale Rechter wéi Meenungsfräiheet oder Recht op Schutz vun der Privatsphär. Den Terrorismus selwer awer kréien déi repressiv Moossname guer net an de Grëff.

Wa Repressioun net en Element an enger Palette vu Moossnamen, mä déi eenzeg Waff géint den Terrorismus ass, dann ass dat eng reng technokratesch Approche, eng End-of-pipe-Approche, déi um Problem laanscht geet. Wann een net iwwert dem Terrorismus seng Urspréng nodenkt a versicht bei senge Wuerzelen unzesetzen, da kann een eiser Meenung no den Terrorismus net an de Grëff kréien, an dofir wäerte mir als gréng Fraktioun och géint dëse Projet stëmmen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Wagener. Als nächste Riedner ass den Här Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et soll een den Terrorismus net bagatelliséieren. Mer hunn d'Attentater vum 11. September 2001 als déi Lénk vum éischte Moment un, iwwregens och hei an der Chamber, kompromisslos veruerteelt. A weider Attentater, egal vu wiem se ausginn, musse verhënnert ginn. An dofir mussen déi néideg Mëttelen agesat ginn, awer ouni iwwert d'Zil eraus ze schéissen.

Den Terrorismus ass awer méi wéi dat Bild, wat mer alleguerten am Kapp hunn. Den Terrorismus gëtt weltwäit benotzt als e Sammelbegréff, als e Fourre-tout vun Iddie fir iwwert dat Zil do eraus ze schéissen a fir Leit zu Géigner ze deklaréieren, déi nëmmen an iergendenger Form déi bestehend Uerdnung a Fro stellen.

Dofir ginn och als Terroristen net nëmmen déi wierklech Terroriste bezeechent, déi zum Beispill, déi den 11. September organiséiert hunn. Déi sinn iwwregens nach ëmmer net fonnt ginn. Trotz Asaz vun deene schäerfste Mëttelen, trotz kriegereschen Aktiounen am Afghanistan, trotz Guantanamo, wou quasi an engem rechtsfräie Raum Leit kënne gefrot an esouguer, wéi een héiert, heiansdo gefoltert ginn, fënnt een net eraus wou dann déi wierklech Terroriste sinn, déi un der Basis vun deem Attentat do stinn.

Och an ondemokratesche repressive State ginn dacks einfach nëmme politesch Géigner zu Terroristen erkläert, zum Beispill déi nationalistesch Bewegungen an der Türkei, an esou weider.

Et ass och gewarnt gi virdrun, dass déi europäesch Direktiv wäit iwwert d'Zil vun enger Bekämpfung vu wierklech geféierlechen Attentäter géif eraus schéissen. Et ass virdru gewarnt ginn, dass se géif onzoulässeg pauschaliséieren, dass se eng geféierlech Dynamik géif ausléisen, déi d'Grondrechter géif riskéieren a Fro ze stellen.

Den Här Santer huet eis eng Welt virgezeechent vu Chauffeuren, Gäertner a Kannermeedercher vun Topterroristen. Hien ass souguer op d'flaacht Land erausgaangen, wou anscheinend kommunal Politiker um lafende Band ermuert ginn. Hie kuckt wahrscheinlech ze vill „Bulle von Tölz".

***(Hilarité)***

D'Madame Beissel hirersäits huet eis entfouert an…

***(Interruption)***

Ech kucken en och gär, soss wéisst ech et jo net.

***(Hilarité)***

D'Madame Beissel huet eis entfouert an 1001 Nuecht mat den Haschachinen an aneren abenteuerleche Gestalten.

Dat fir e bëssen eng Typologie ze zeechne vum Terrorist an ech wëll net soen, dass et déi Typologie net gëtt, mä ech mengen, dass et awer eng Oflenkung ass vun deene reelle Problemer, déi all déi Leit bewegen, déi an dëser Fro warne viru Konklusiounen, déi vill ze vill wäit gi bei der sou genannter Bekämpfung vum Terrorismus.

Déi belsch Penalistin, déi schonn hei zitéiert ginn ass, d'Madame Cesoni, déi och vum Statsrot iwwregens zitéiert ginn ass, beschreift menger Meenung no an hirem Artikel an der renommëierter Revue belge de droit pénal et de criminologie ganz genau déi Dériven, wou si fäert a wou mir alleguerte fäerten, dass déi Gesetzgebung hei kéint Ulass dozou ginn. Domat läit si méi no bei der Realitéit wéi dat, wat virdrun hei gesot ginn ass. Si schwätzt vun enger neier Generatioun vun Infractiounen, déi souwuel eng symbolesch wéi och operationell Funktioun hätten. «Symboliques,» seet se, «puisqu'elles cernent les nouveaux ennemis publics, ces infractions servent notamment à justifier l'adoption d'autres dispositifs de type procédural (techniques particulières d'enquête policière, extension et ramifications des banques de données, octrois de bénéfices aux «repentis»), qui serait autrement rendue difficile par les restrictions des libertés et les violations des droits fondamentaux qu'ils entraînent».

Si mécht och de Lien mat politeschen Aktiounen. Si schwätzt vun der « occupation de sites publics durant une grève, le blocage d'un aéroport pour empêcher l'expulsion de sans-papiers, voire les actions de grèves comportant l'interruption de services publics qui fournissent des ressources naturelles (qui) risquent de tomber sous le coup des infractions terroristes. » A si bezitt sech dobäi op déi Bréissler Direktiv an hirer Fassung vu virdrun, well an hir lescht Fassung, déi no deem Artikel do erauskomm ass, ass eng relativ limitéiert Lëscht vu schwéiere Vergehen ageschriwwe ginn, vu schwéiere Kierperverletzungen a massive materiellen Degradatiounen, als terroristesch Basisinfractiounen, contrairement zu eisem Gesetz also. An dat wa mat esou Infractiounen ënner anerem e Stat soll zu iergendengem Akt gezwonge ginn, dee fir hie schwerwiegend Konsequenzen huet.

Dat heite Gesetz geet bekanntlech vill méi wäit, wann et ugeholl gëtt. Da gëtt bei all klengerem Delikt d'Méiglechkeet geschafe vun enger krimineller Qualifikatioun vun deem Delikt, wann d'Auteuren domat bewosst - ech widderhuelen et nach eng Kéier - wëllen e Stat zu iergendengem Akt zwéngen, dee sengen Interesse schwerwiegend schuet. Et muss een einfach deen nebulöse Charakter vun där Definitioun gesinn. Do geet et duer, wann dat hei ugeholl gëtt, fir dann aus engem Delikt op deem eng Maximalstrof vun dräi Joer steet, vläicht awer zum Beispill nëmmen eng Minimalstrof vun e puer Deeg oder vun engem Mount - et gëtt ëmmer vun der Maximalstrof geschwat -, fir doraus e Schwéierverbriechen ze maachen op deem 15 bis 20 Joer Prisong stinn. An op déi 15 bis 20 Joer Prisong geet vun der Basisinfractioun aus an engem Siess de Lift erop, ouni dass do déi geréngste Gradatioun vun de Peinë géif agefouert ginn.

Duerfir mengen ech, zesumme mat villen aneren, déi sech heizou geäussert hunn, dass wesentlech Prinzipie vum Strofrecht dobäi violéiert ginn, wéi de Prinzip vun der Legalitéit a vun der Proportionalitéit vun den Infractiounen a vun de Strofen, déi net nëmmen an eisem Recht, mä och am europäesche Recht verankert sinn. Dat frappantst Beispill ass menger Meenung no dat vun der Confédération paysanne vum José Bové, well et passt op dëse Projet wéi d'Fauscht op d'A, och wann d'Majoritéit gesot huet an der Kommissioun, fir si wier de José Bové keen Terrorist.

Fir kuerz ze soen, de José Bové sëtzt elo a Frankräich fir e puer Méint am Prisong, well hie sech un Infractioune bedeelegt huet, op deenen och an eisem Code pénal e Maximum vun dräi bis fënnef Joer Prisong dra steet. Ech zielen op: Symbolesch Degradatioun vu klengere Récoltë vu genmanipuléiertem Mais an eng éischter symbolesch geringfügeg Zerstéierung vu Gebaier an Ariichtunge vu Mc Donald's.

Ouni Zweifel wollten déi Bauerevertrieder, wéi si dat gemaach hunn, d'Regierung zu enger bestëmmter Haltung forcéieren, vun där d'Regierung och der Meenung ass, dass si hir kommerziell Interesse grondleeënd schiedegt, zum Beispill am Kader vun der Welthandelsorganisatioun.

Domadder wieren all d'Elementer do, fir no deem heiten neie Gesetz eng Infractioun vun Terrorismus ze charakteriséieren. Si sinn net onbedéngt an der europäescher Direktiv, well d'europäesch Direktiv schwätzt vu massive materiellen Zerstéierungen.

Wa vu Gewalt Rieds geet, da muss ee jo wëssen, d'Gewalt gëtt jo net eréischt gestrooft an eisem Code pénal mat deem heite Gesetz. Fir all déi Strofdoten, déi ech elo genannt hunn, si Penalitéite virgesinn, souwuel fir déi méi kleng Strofdoten, souguer relativ héich Penalitéiten, well eise Code pénal ass jo een, deen zimlech d'Propriétéit schützt, an och fir déi grouss Infractiounen alleguerte bis bei de Meurtre, bei den Assassinat. Do ass liewenslänglech virgesinn. Méi wéi liewenslänglech gëtt et net als Strof.

Et sinn an eisem Code pénal Saache virgesi fir de grousse Banditismus ze bekämpfen, fir an der Sécurité extérieure virzegoen, an esou weider. Dofir freet ee sech, an d'Madame Cesoni freet sech dat och, firwat dann dat heite Gesetz? An ech mengen, dass eng vun de wesentlechen Erklärunge vun deem heite Gesetz dora besteet, dass et erlaabt preventiv Enquêten ze maachen, wann de Verdacht besteet, dass Aktivitéite begaange ginn oder kéinte begaange ginn, déi emol eng Kéier kéinten ënnert den Terrorismusverdacht falen.

Eng wichteg Roll spille jo d'Natur an de Kontext vun deenen Aktivitéiten, besonnesch wa se vu Gruppe begaange ginn. Do gëtt zum Beispill déi einfach Bedeelegung u legalen Aktivitéite vun esou engem Grupp scho strofbar, also och Géigestand vun Ermëttlungen.

An da gëtt jo elo, wat deen neie Projet de loi ugeet vum Service de renseignement, den Terrorismus als deem seng Haaptaufgab praktesch doran ageschriwwen. Dat heescht, de Service de renseignement gëtt zoustänneg bei quasi alle strofrechtleche Bestandsopnamen, soubal de Verdacht op e politeschen Hannergrond besteet. „Ein Beruf mit Zukunft" schreift d'Lëtzebuerger Land a schwätzt vu bis zu 60 Agentinnen an Agenten, déi déi Administratioun soll kréien, wa se reforméiert ass.

Den Artikel 88.3 vum Code d'instruction criminelle erlaabt dësem Service mat de géeegneten technesche Mëttel d'Kontroll vun all Zort vu Kommunikatiounen ze maachen.

Virun 20 Joer, ech hunn dat nogelies, hunn an dësem Haus memorabel Ausernanersetzungen stattfonnt, ënner anerem tëschent dem Här Robert Krieps an dem Här Nic Mosar. De Robert Krieps huet verlaangt de Spëtzeldingscht ofzeschafen an d'Police verantwortlech fir déi Aufgaben ze maachen, déi no normale Regele vun der penaler Prozedur sollte geregelt ginn.

Elo fënnt de Contraire statt. De Service de renseignement kritt Aufgabe bei normale strofrechtlechen Delikter mat politeschem Hannergrond an e féiert déi Enquêten duerch, ouni op de Code de procédure pénale mussen opzepassen.

D'Police hirersäits wäert och d'Méiglechkeet kréie mat deem heite Gesetz méi preventiv ze ermëttelen, woubäi se bis elo ermëttelt huet, wann e konkrete Verdacht virlong.

Da ginn tëschent der Police an dem Service de renseignement Fichieren ausgetosch. Dat gesäit de Projet de loi iwwert de Service de renseignement ausdrécklech vir a sengem Artikel 3: « Le Service de renseignement communique les informations collectées dans le cadre de sa mission aux autorités policières (…) Les autorités policières communiquent les informations utiles à l'exercice de sa mission au Service de renseignement. »

Do kéint ee mam Günther Grass soen: „Ein weites Feld", wat sech do opdeet, an op deem Feld riskéieren déi individuell Fräiheeten, riskéiert den Droit de la défense op der Streck ze bleiwen.

Et sinn och nach an deem Text Saachen dran iwwert den Témoin anonyme. Wann en Agent vum Service de renseignement ausseet virun engem Geriicht oder virun enger Verwaltung, däerf hie seng Sourcen net präisginn, dat heescht…

M. le Président.- Här Urbany, ech wollt Iech drop opmierksam maachen, datt Är Riedezäit ofgelaf ass.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech wéilt nach e Beispill ginn, well dat elo ganz aktuell ass. Ech froe mech zum Beispill hei an ech wier nawell frou, wann ech eng Äntwert drop géif kréien, opgrond vu wat fir Bestëmmungen an opgrond vu wiem sengen Uweisungen a leschter Zäit Fotoe vun dausende vu Manifestanten, zum Beispill bei Friddensdemonstratiounen, kënne gemaach ginn, oder elo zum Beispill dobausse Fotoë gemaach gi vun deene Leit, déi do mat villem Engagement Zivilcourage beweisen an dobaussen demonstréieren, wou vill gewiichteg Stëmmen hei am Land schweigen, wann et ëm e wichtege Gesetzesprojet hei geet? Aus wat fir engen Ursaachen, Här President, ginn déi Leit dobausse fotografëiert, wa se hei friddlech demonstréiere virun eisem Parlament?

***(Interruptions diverses)***

Ech wollt nach eppes soen iwwert déi limitativ Lëscht vun Infractiounen an iwwert dee Problem, dee sech doraus besonnesch fir Lëtzebuerg ergëtt, hei am europäesche Kontext, wou jo Lëtzebuerg eng Sonderroll anhëlt, mä well ech déi Saache schonn a mengem schréftleche Beitrag erwähnt hunn, wëll ech elo net méi dorop agoen.

De Minister huet an der Kommissioun selwer gesot, dass hien net fäeg wier eng exakt exhaustive Lëscht vun allen Infractiounen opzestellen, déi ënnert d'Méiglechkeet vun enger terroristescher Infractioun an Zukunft wäerte falen, wa mer deen heiten Text unhuelen. Well da si jo all Infractiounen vu méi wéi dräi Joer Prisong dovu betraff an et ass onméiglech aus alle Gesetzer an aus alle Reglementer eraus, déi an deene leschten 100 oder 200 Joer hei gestëmmt gi sinn oder ugeholl gi sinn, eng Lëscht ze maachen, wat fir Infractiounen iwwerhaapt betraff sinn. Dat ka kee soen. Dat ass d'Nebulös vun där de Statsrot schwätzt.

Dofir, aus all deenen Ursaachen, ech hu leider, wéi Der wësst, wéineg Zäit hei Saachen ze développéieren, wëll ech awer zum Schluss soen, dass ech mengen d'Chamber sollt sech nach eng Kéier gutt iwwerleeë wat se mécht a si soll den néidege Courage opbréngen, fir zu deem heite Gesetz Neen ze soen a ganz zum Schluss wëll ech nach en Zitat aus dem Journal vun haut bréngen. Ennert dem Titel: „Répression, Régression" gëtt de Cardinal Mercier zitéiert, dee gesot huet: „Quand la prudence est partout, le courage n'est nulle part."

M. le Président.- Merci, Här Urbany. Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, meng Fraktiounskolleegin, d'Madame Lydie Err, huet an der gewinnter excellenter Manéier de Prinzip am Detail erkläert, wat d'Oppositioun vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Regierungsprojet ausmécht. Ech mengen, vun eiser Säit gëtt net d'Bekämpfung vum Terrorismus a Fro gestallt, och net d'Noutwendegkeet fir konzertéiert op europäeschem Plang virzegoen, och net fir nei Instrumenter ze schafen, mä wat vun eis hei un de Pranger gestallt gëtt, dat ass eng net korrekt Émsetzung vun internationalen Texter duerch deen heite Projet, duerch dës Regierung an, wéi ech fäerten och, herno duerch dës Majoritéit.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Et muss ee sech d'Fro stellen, ob d'Regierung lues a lues amgaang ass de Wee vum bon sens, de Wee vun der Virsiicht ze verloossen, mat neie repressiven Instrumenter am Beräich vun der Kriminalitéitsbekämpfung. Gëtt hei net de Prinzip vun der Verhältnisméissegkeet vun de Mëttelen zum Zweck verlooss? Mir stellen eis déi dote Fro. Mir si besuergt, dass Schrëtt fir Schrëtt duerch eenzel Texter, an ech kommen och op Beispiller zréck, dee schonn delikaten Equilibër tëschent den öffentleche Fräiheeten an den Noutwendegkeete vun enger Kriminalitéitsbekämpfung usazweis zumindest a Fro gestallt gëtt duerch dës Regierung an duerch dës Majoritéit.

Ech erënneren un de Virstouss vum leschten Dezember, déi sou genannte Lex Greenpeace, déi den Hausfriddensbroch schwéier bestrooft an ënnert dem Protest vu ville Säiten, vun der Regierung selwer an der Tëschenzäit hallef zréckgezu ginn ass. Och do erkennt een éischt Usätz, fir gewëssse Prinzipien a Fro ze stellen.

Ech erënneren och hei un de Regierungsprojet iwwert den anonymen Témoignage, dee mer nach wäerten hei an der zoustänneger Kommissioun an an der Chamber ze diskutéiere kréien, dee ganz vill prinzipiell Froen opwërft a wou eminent Juriste sech a leschter Zäit zu Wuert gemellt hunn an dat Ganzt esouguer als eng Erëmbeliewung vun der Inquisitioun un de Pranger gestallt hunn. Do ass vill Matière à discussion.

Ech erënneren un de rezente Virschlag vum DP-Generalsekretär an Transportmininster, fir d'Fernsehiwwerwaachung op eise Stroossen anzeféieren. Big Henry is watching you! D'Regierung schéngt sech do nach Gedanken driwwer ze maachen, mä och dat wërft vill prinzipiell a fundamental Froen op vu Vereinbarkeet mat öffentleche Rechter a Fräiheeten.

Ech erënneren och, a grad am Zesummenhank mat där Diskussioun vun elo, un déi Reform vum Spëtzeldéngscht, vum Service de renseignement, wou d'Regierung proposéiert deem seng Kompetenze vun der Sécurité extérieure auszeweiden op d'Bekämpfung vum Terrorismus, och esouguer vum Crime organisé, wann en a Relatioun mam Terrorismus steet. Hei maache mer eng large Definitioun vum Acte terroriste an domadder geet selbstverständlech och de Champ d'activité, de Champ d'action vum Service de renseignement gläichzäiteg automatesch auserneen, mat der Fro, awéiwäit déi Aktivitéiten do wierklech effektiv ze kontrolléiere sinn, sief et op administrativem Plang, sief et op politeschem Plang.

Et gesäit ee bei der Oplëschtung vun eenzelne Regierungsvorhaben, dass mer ufänken, an déi Diskussiounen hate mer jo jorelaang net méi hei zu Lëtzebuerg, an deem Beräich vum Strofrecht eis dann awer seriö an eng Richtung ze bewegen, déi riskéiert fragile Equilibere vun der Vergaangenheet a Fro ze stellen.

An dësem Text geet et jo drëm fir haaptsächlech international Rechter a besonnesch europäescht Recht ëmzesetzen. Den Akt vum Terrorismus soll hei op méi primär Infractiounen applizéiert ginn, wéi dat an deenen aneren europäesche Länner de Fall ass a wéi dat besonnesch och vun der Décision-cadre verlaangt gëtt vun de Memberstate vun der Europäescher Unioun.

Dat geschitt, sot haut praktesch all Riedner, eleng aus techneschen Ursaachen. Et wär keng elegant legislativ Technik, fir an engem Artikel all Infractioun am Detail opzezielen. Et wär besser, et géif een dat an engem Saz maachen an domadder wär den Text da méi iwwersiichtlech.

Ech muss soen, dat Argument do iwwerzeegt mech net. Éischtens muss ech soen, dass ech bis elo kee Land kenne wat op de Wee geet vu Lëtzebuerg. Mir schéngen, esouwäit déi Texter, déi den Deputéierten zougänglech waren, dat eenzegt Land ze si wat sech op deen dote Wee avancéiert, ech

géif bal soen aventuréiert. All déi aner Länner sinn op de Wee gaangen, déi, déi et bis elo ëmgesat hunn, dat sinn der nach net schrecklech vill, fir eng Opzielung vun den eenzelnen Infractioune virzehuelen, an ech mengen, dat wär eigentlech och eng Regel vum bon sens, wou mer gutt hätten eis dorunner ze inspiréieren an net hei eege Lëtzebuerger Weeër op deem dote ganz minéierten Terrain ze goen.

Déi Aart Täschenargument ass net stéchhalteg, mä virun allem hunn all d'Riedner vun der Majoritéit haut vergiess dat zweet Argument opzeféieren, wat awer an der Kommissiounssitzung vun der Vertriederin vum Ministère gesot ginn ass. Si sot jo, ee Grond, deen zweete Grond, firwat dass mer op deen dote Wee ginn a wëlle ganz large eigentlech deen Akt vum Terrorismus hei zu Lëtzebuerg an d'Strofrecht verankeren, dat ass dee vun den techneschen Ursaachen.

Mä si huet och en éischte Grond genannt. Ech zitéieren: „Parce que le terrorisme est susceptible de se manifester par rapport à un éventail plus large d'infractions primaires que celles prévues dans la décision-cadre." Et ass also déi politesch Absicht vun dëser Regierung, a wann d'CSV an d'DP dat stëmmen, vun dëser Majoritéit, fir hei wierklech méi Infractiounen ënnert dee Begréff vun Terrorismus kënnen eranzehuelen, wéi d'Directive-cadre dat virgesäit. Dat ass net, géif ech soen, eng automatesch Répercussioun vun där Technik, déi gewielt ginn ass, mä et ass eng politesch Absicht fir dat hei ze maachen. Just, si haten net de Courage dat haut de Mëtteg an den Debatten esou kloer ze soen, wéi d'Vertriederin vum Minister dat an der zoustänneger juristescher Kommissioun am Numm vum Minister deklaréiert huet.

Ech muss nach eng Kéier d'Fro opwerfen, firwat bei esou enger wesentlecher Fro eis den Avis vum Parquet général net virläit. An der Sitzung ass gesot ginn, de Parquet général ass consultéiert ginn. Firwat gëtt der Chamber net dat Schréftstéck zur Verfügung gestallt?

Wisou geet d'Regierung net hin, wa se schonn eng Commission nationale vun den Droits de l'homme kreéiert, an esou engem wichtege Projet, deen awer effektiv ganz kriddeleg ass an där Fro vun de Mënscherechter, a si freet déi Kommissioun do ëm hiren Avis? Och dat sinn, mengen ech, Lacunen, déi Froen opwerfen, ob dat doten nëmmen eng schlampeg Aart a Weis ass fir virzegoen oder ob do politesch Absicht hannert deem ganze Virgoe steet.

Wisou och, froen ech mech, déi Hektik an deene leschten Deeg? Mat deem ganz ausseruerdentleche Virgank, dass de Rapport vun der Kommissioun scho fäerdeg war ier iwwerhaapt d'Diskussiounen an der zoustänneger Chamberkommissioun ofgeschloss waren. Den Avis complémentaire vum Conseil d'Etat war nach net diskutéiert a scho louch e Projet de rapport vum äifrege Rapporteur vir, wat herno dann zu engem peinleche Rectificatif zu deem Rapport huet misse féieren.

Ech froe mech: Wou bleift do déi vill zitéiert roueg Hand? Wou bleift déi Serenitéit, déi Besonnenheet, déi vu verschiddene Leit an der Diskussioun ronderëm d'Kriminalitéitsbekämpfung ëmmer erëm zitéiert ginn ass? An ech froe mech: Wat sollen an deem ganzen Zesummenhank dann och déi Aussoen, déi de Premier anscheinend de Moien an enger Entrevue mat deene jonke Leit gemaach huet, déi an deene leschten Deeg hei virun der Chamber géint deen heite Projet de loi demonstréiert hunn, nodeems hie se lächerlech gemaach huet de leschte Freiden?

Hëpp, Volte-face, eng Kéier ëm 90 Grad, an haut gëtt da praktesch suggéréiert iwwert eng Motioun dann eng Klorstellung vun deem heiten Text ze kréien. Alles dat ass fir mech onverständlech. Dat ass net en Zeeche vun Iwwerzeegtheet vun deem wat een hei wëllt maachen, mä et ass fir mech e klore Beweis vu grousser Hektik a vun Onsécherheet an deem heite Beräich.

Ech géif net nëmme soen, dass mer an engem wesentleche Punkt iwwert dat erausginn, wat mer eigentlech op europäeschem Plang misste maachen a sollte maachen, well deen eegene Wee, dee Lëtzebuerg geet, dréit sécherlech net zur Harmoniséierung bäi op europäeschem Plang, dee suergt eigentlech fir Confusioun, well Lëtzebuerg hei op en anere Wee geet, wéi bis elo all déi aner Länner, déi déi heiten Texter schonn ëmgesat hunn. Mä wat mech besonnesch beonrouegt, an do wëll ech insistéieren hei, dat ass, dass mer souguer an engem Punkt menger Ansicht no kloer verstousse géint den Text vun der Directive-cadre.

***(Interruption)***

Dir kennt déi Motioun net? Ech weess, dass de Premier...

***(Interruption)***

Neen, de Premier huet den Demonstrante suggéréiert fir duerch Kontakter, notamment mat senger Fraktioun kloerzestellen, dass eventuell eng Motioun kéint kommen, déi sech esou enger Initiativ net géif opposéieren.

Dir kënnt jo dem Premier d'Fro stellen, ob dat da stëmmt wat ech hei weiderginn.

Dat sinn op jidde Fall déi Aussoen, déi déi jonk Leit mir géigeniwwer gemaach hunn, déi dat aus där Entrevue mam Premier mat erausgezunn hunn.

Här Rippinger, et ass Iech fräigestallt, selbstverständlech, ze vérifiéiren, ob dat, wat déi jonk Leit mir verzielt hunn, richteg ass. Ech gleewen hinnen op jidde Fall op deem dote Punkt, well ech de Premier och ganz laang kennen.

An deem Artikel 5 vun där Décision-cadre steet nämlech eppes ganz Interessantes dran. Do steet dran, dass déi Sanktiounen, déi déi eenzel Länner sollen op déi Actes de terrorisme setzen, mussen effektiv sinn, si mussen dissuasives sinn a si mussen, ech ënnersträichen dat, proportionéiert sinn. A genau op deem dote Punkt läit de Regierungsprojet falsch. Do läit en nieft dem Dill. Well hie mécht guer keng Distinctioun par rapport zu der Gravitéit vun der Infractioun. Hie seet ganz einfach all déi Infractiounen, wou eng minimal Maximalstrof vun dräi Joer Prisong virgesinn ass, déi ginn alleguerten d'selwecht behandelt. Wa se ënnert de Begréff vum Terrorismus falen, da gesäit den Artikel 135 (2) vum Code pénal vir Réclusioun, also d'Prisongsstrof vu 15 bis 20 Joer.

Dës Regierung proposéiert also an alle Fäll, ouni, wéi dat vun der europäescher Richtlinn verlaangt ass, eng Distinctioun ze maachen tëschent der Gravitéit vun deenen eenzelnen Infractiounen, se alleguerten d'selwecht ze behandelen. De Prinzip vun der Proportionalitéit gëtt hei vun der Regierung mat Absicht net respektéiert. Dat ass eng logesch Konsequenz vun där Technique législative, wou se sech, menger Ansicht no, schlechterweis inspiréiere gelooss huet.

Hei ginn also Strofen, déi haut eventuell bei dräi, véier, fënnef Joer leien, praktesch verfënneffacht, vervéierfacht, wa se a Bezuch mat Terrorismus kënne gestallt ginn. Dat ass net dat wat d'europäesch Direktiv, d'Décision-cadre verlaangt, déi souguer schwätzt vu Minimalstrofe vun aacht Joer op eenzel Fäll. Si gesäit also duerchaus vir, dass d'Länner sech bei aacht Joer usidelen an net mussen op e Strofmooss vu 15, 20 Joer goen.

Ech sinn also der Meenung, dass hei net nëmmen an eenzelne Punkten d'Regierung méi wäit geet wéi d'Direktiv dat verlaangt, wann et ëm d'Repressioun geet, mä dat besonnesch also och contraire eigentlech an deem heite Fall ass zu enger klorer Ausso vun der Décision-cadre vun der Europäescher Unioun. An ech betounen nach eng Kéier, ech mengen, dass souguer dat dote Schwieregkeeten huet zu Bréissel Bestand ze halen, well et ass jo net onschëlleg firwat deen Ausdrock proportionné do dra komm ass, well eenzel Länner aus Iwwerleeunge vu Rechtssécherheet, aus Iwwerleeunge vu grousse Prinzipie vum Strofrecht, drop gehalen hunn, dass deen Adjectif « proportionné » soll dra kommen. An d'Proportionalitéit, déi geet hei fleete mat deem Regierungstext, well alles iwwert ee Leescht gezu gëtt.

Hei ass d'Regierung de Wee vun der Facilitéit gaangen. Si ass de Schwieregkeeten aus de Féiss gaangen a se huet schlussendlech hei en Text gebuer, deen an eisen Aen net perfekt ass.

An et muss ee jo soen, iwwer all Parteiiwwerleeungen eraus, déi ee kann huelen als Jurist, deen Text do ass zudéifst betrüblech, deen ass a kengem Mooss zefriddestellend. Hei si mer am Strofrecht dran, wou et wierklech drëm geet mat Prezisioun d'Infractioune festzeleeën, wou et drëm geet d'Strofmooss ze fixéieren, wat an direkter Relatioun steet zu där Gravitéit, zu där Atteinte à l'ordre public, déi soll sanctionnéiert ginn. A wat gëtt hei vun der Regierung an der Majoritéit gemaach? Et gëtt alles einfach iwwer ee Leescht gezunn.

Dat ass kee seriöen Text. Dat ass en Text, deen hautement perfectible ass, a mir hunn ugebuede gehat, dofir hu mer déi Demande gemaach, fir deen heite Punkt vum Ordre du jour erofzehuelen. Hei ass keng Nécessitéit do fir dat hei iwwert de Knéi ze briechen. Mir hätte parfaitement kënnen nach dräi bis véier Méint eis Zäit huele fir zeguttst hei e besseren Text ze maachen, dee conforme wär zum europäesche Recht, deen awer och conforme wär zu allgemenge Prinzipie vum Strofrecht.

Dofir soen ech perséinlech neen zu deem heiten Text als Jurist, an ech soen nach méi haart neen als Politiker dozou. Eis Partei wäert, wéi d'Madame Err et scho gesot huet, deen heiten Text net stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, D'Evénementer vum leschte Samschden um Rockconcert zu Moskau, wou eng Rei onschëlleg, an der Majoritéit jonk Leit hiert Liewen an engem terroristeschen Attentat verluer hunn, hunn eis eng Kéier méi virun Ae gefouert, datt de Phenomeen vum Terrorismus méi wéi jee aktuell ass an op deene verschiddenste Plazen op der Welt ëmmer erëm kann zouschloen.

Den Terrorismus ass u sech déi schlëmmste Form vun Ugréff op d'Dignitéit an d'Fräiheet vun all Mënsch. Et gi vill Forme vun Terrorismus, mä d'Haaptzil ass ëmmer fir Terror ze séien, ze zerstéieren a méiglechst vill Leit, wa méiglech Onschëlleger, ëmzebréngen, ouni dass an deene meeschte Fäll iwwerhaapt emol e politescht Zil hannert deenen Aktioune steet. Vill ze vill onschëlleg Liewe sinn duerch all Forme vum Terrorismus op eng brutal Manéier zerstéiert ginn a vill ze vill laang ass och vun den Autoritéiten nogekuckt ginn. Et sinn eigentlech eréischt d'Evénementer vum 11. September 2001, déi zu enger weltwäiter Prise de conscience gefouert hunn.

De Kampf géint den Terrorismus ka sech dann och net nëmmen um nationalen oder lokale Plang ofspillen, mä e muss an en internationale Kontext geschriwwe ginn. Bis elo ass et esou gewiescht, datt mer an eiser Législatioun eigentlech d'Notioun vun Terrorismus guer net kannt hunn, och wa praktesch déi allermeesch vun deenen Infractiounen, déi am Kader vum Terrorismus bekämpft ginn, als eenzel Infractiounen och an eisem Code pénal sech erëmfannen.

Ëm wat geet et elo an dësem Projet de loi? De Rapporteur Patrick Santer huet a sengem excellente schréftlechen an och mëndleche Rapport, fir deen ech him hei nach eng Kéier de Merci vu menger Fraktioun an och vu mir selwer wëll iwwermëttelen, in extenso beschriwwen ëm wat et geet, nämlech déi Décision-cadre vum 6. respektiv 7. Dezember 2001 an eis Législatioun ze transposéieren.

Well de Rapporteur Patrick Santer dat schonn am Detail gemaach huet, wëll ech net méi op déi eenzel Punkte vun dëser Décisioun agoen, mä mech haaptsächlech mat deene Punkte beschäftegen, déi an de vergaangenen Deeg an och haut fir vill Wand dobaussen an och hei am Haus gesuergt hunn. Deen éischte Punkt ass dee vun der Definitioun vun der Notioun vun Terrorismus, an deen zweeten ass d'Integratioun an de Gesetzestext vun enger limitativer Lëscht vun Infractiounen.

Ier ech awer domadder ufänken, erlaabt mer zwou Observatiounen ze maachen, wat déi Kriticken ubetrëfft, déi virdru vu verschiddene Riedner ugefouert gi sinn, hei wär eng parlamentaresch bâcléiert Aarbecht virgeluecht ginn. Dat kann ech net akzeptéieren. Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, datt mir eis a véier Sitzungen extensiv mat dësem Projet beschäftegt hunn. Mir hate laang Diskussiounen, besonnesch iwwert déi zwee Problemer, déi ech elo hei ugeschwat hunn, a wat ech och net kann akzeptéieren, datt da Leit, déi selwer bei deene Sitzungen net ëmmer derbäi waren, elo grousssaarteg Kriticken hei artikuléieren an deene Leit, déi an der Kommissioun matgeschafft hunn, elo op eemol soe wéi se alles hätte kënne besser maachen. Ech fannen, dat ass net déi richteg parlamentaresch Virgehensweis an ech kann dofir dat och net akzeptéieren.

Ech kann och dee Virworf vun der Madame Err an dem Här Bodry net akzeptéieren, hei wär emol guer net ofgewaart ginn iert den Avis complémentaire vum Statsrot komm wär. Ech wëll drun erënneren, datt den Avis complémentaire vum Statsrot sech just op en eenzege Punkt limitéiert huet, nämlech den Amendement, dee vun der Commission juridique adoptéiert ginn ass. An deen Amendement ass mat grousser Begeeschterung och vun der Madame Err ugeholl ginn. Et soll een also net elo behaapten, wéi wa mer do iwwert de Wëlle vun der Kommissioun ewechgaange wären, well ech menge bis op eng eenzeg Ausnahm huet deen Amendement d'Unanimitéit vun de Membere vun der Kommissioun gemaach. Et ass weider näischt am Avis complémentaire a sech diskutéiert gi wéi deen Amendement. Dofir, wann ech glift, wa mer hei kritiséieren, da solle mer awer alleguer bei der Wourecht bleiwen.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här Mosar, wéi oft kënnt et da vir, datt e Rectificatif…

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här Bodry, Dir waart emol net an alle véier Sitzungen do.

***(Interruption)***

Dann ass een do och vläicht e bësse méi virsiichteg an et geet een net deenen anere Memberen, déi an deene véier laange Sitzungen extensiv mat diskutéiert hunn, hei Reprochë maachen. Ech fannen, dat ass net eng anstänneg parlamentaresch Aarbecht.

***(Interruption)***

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dat hei ass e Rectificatif zum Rapport.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, ech géif elo nawell gäre virufueren, wann…

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dat hei ass e Rectificatif zum Rapport. Ass dat gutt?

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här Bodry, d'Kommissioun huet deen Amendement bäibehale mat der Zoustëmmung vun Ärer Fraktioun, mat der Zoustëmmung vun der Madame Err.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ass esou en Dokument üblech?

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här Bodry, ech kann lech erklären, firwat dat esou ass. Dir kënnt déi zoustänneg Persoun froen am Sekretariat, den Här Leclere. Mir hunn de Rapport esou ëmgeännert wéi dat gesot gi war, och mat deenen zwou Ännerungen, déi zwar gemaach gi waren, awer net an de Rapport komm sinn. D'Sekretariat vun der Kommissioun huet eréischt gesinn, datt déi Ännerungen net am Rapport wären, wéi d'Expeditioun schon eriwwer war, an dofir ass de Rapport rectificatif komm. Als Rapporteur hunn ech deem zougesot, well dat esou an der Kommissioun décidéiert gi war, awer net am Rapport répercutéiert gi war.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Wa manner Hektik wär, da kéimen esou Saachen net vir.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här Bodry, et war guer keng Hektik an der Kommissioun. Wann Dir vun Ufank un an deene véier Sitzungen derbäi gewiescht wäert, dann hätt Der dat kënne constatéieren.

Här President, wann den Här Bodry et erlaabt, da géing ech nawell gär virufueren.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Fuert weider, Här Mosar, an déi aner sollen nolauschteren.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen déi allermeescht Kriticken, déi géint dëse Gesetzestext an d'Feld gefouert gi sinn, och nach de Mëtteg, déi si jo a Relatioun ze gesi mat der Definitioun vun der Notioun vun Terrorismus. An hei wëll ech awer nach eng Kéier virausschécken, datt d'Definitioun vun där Notioun vun Terrorismus an enger Décision-cadre festgeschriwwe ginn ass. Et ass also keng Erfindung vun den Auteure vun dësem Projet de loi. Dës Décision-cadre ass à l'unanimité vun deene 15 Justizministere vun der EU adoptéiert ginn, an do ass eng ganz Rei vu verschiddene politesche Faarwen och vertruede gewiescht, esou datt een elo net ka maache wéi wann dat heiten eng Eegeninitiativ gewiescht wär vun der Lëtzebuerger Regierung, respektiv vum Justizminister.

***(Interruption)***

D'Regierung, Här Bodry, an d'Chamber hunn also guer keng aner Méiglechkeet gehat wéi dës Definitioun - ech schwätze vun der Definitioun vum Wuert Terrorismus - telle quelle ze iwwerhuelen.

Sécherlech, an do kann ech Är an och anere Leit hir juristesch Bedenken deelen, huet meng Begeeschterung sech och a Grenze gehalen, wat dës Definitioun ubetrëfft, an ech mengen, ech schwätzen do enger ganzer Rei vu Leit, déi an der Commission juridique sinn, aus

dem Häerz, déi och gesot hunn, déi Definitioun do ass keng optimal Definitioun. Nach si mer eis awer bewosst gewiescht, datt et och net einfach wär méi eng kohärent Definitioun vun der Notioun vun Terrorismus ze fannen, an ech hunn och an deene sämtlechen Avisen, déi vill kritesch Bemierkungen zu där Definitioun gemaach hunn, keng eenzeg alternativ Propositioun erëmfonnt, wéi een dann hätt kënne besser déi Notioun definéieren.

Dobäi kënnt, datt ähnlech Definitiounen, wéi se elo vun där Décision-cadre zréckbehale gi sinn, och sech schonn an anere Gesetzgebungen erëmfannen. Ech hunn zum Beispill déi franséisch Notioun vun Terrorismus gekuckt. Déi ass guer net wäit ewech vun deem, wat elo an där Décision-cadre steet.

Ech muss och feststellen, datt d'Transpositioun vun där Décisioun an eisen Nopeschlänner quasiment wéi eng Lettre à la poste iwwert d'Bühn gaangen ass, a fir vill manner Welle gesuergt huet, wéi dat hei bei eis de Fall war.

Ech mengen och, datt et wéineg Sënn mécht dës Definitioun a Fro ze stellen, well dëst géif jo dann automatesch bedeiten, datt een déi Décision-cadre net wëllt an d'nationaalt Recht transposéieren. Ech brauch Iech net ze soen, wat fir e Signal mir als lëtzebuergescht Parlament géife ginn, wa mer an esou enger essentieller Fro wéi dem Kampf géint den Terrorismus als eenzegt europäescht Land hei wéilten ausscheren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och dëst Gesetz ass, wéi esou vill Gesetzer am Kontext vun der Bekämpfung vum Terrorismus, eng Gratwanderung tëschent der absoluter Noutwendegkeet mat alle Moyenë géint déi divers Forme vun Terrorismus virzegoen, an awer op där anerer Säit ouni d'Fräiheete vun all eenzelne Bierger anzeschränken. Dës Gratwanderung ass net ëmmer einfach, an d'Gesetz wat mer haut hei stëmmen, ass eigentlech dofir en excellent Beispill. Wann Dir Iech d'Méi maacht déi verschidden Avisen, déi zu dësem Projet gemaach gi sinn, am Detail ze analyséieren, esou stellt Der fest, datt et esou vill Meenungen heizou gëtt wéi Avisen, an esouguer an engem Avis ginn zwou Meenungen artikuléiert, nämlech an deem vun der Chambre de Travail, wou en Avis majoritaire an en Avis minoritaire gemaach ginn ass.

Ech verwiere mech dofir och dergéint, datt elo vu verschiddene Kreesser et esou duergestallt gëtt, wéi wann all Avisen, déi zu dësem Projet verfaasst gi wären, sech massiv géint de Fong vun dësem Projet ausgeschwat hätten. Dofir erlaabt mer ganz kuerz op déi eenzel Avisen anzegoen.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet de Projet ausdrécklech begréisst an huet och keng Bedenke géint déi eenzel Punkten abruecht. Och d'Chambre des Employés privés huet keng fundamental Problemer mam Projet, mä just eng Rei vu punktuellen Observatioune gemaach.

Dëst ass anescht, an ech hunn et virdru gesot, bei der Chambre de Travail, wou mer a Presenz vun zwee Avisë sinn, engem Avis majoritaire an engem Avis minoritaire, déi an hire jeeweilegen Aussoe sech an enger fundamentaler Oppositioun erëmfannen. Fir Iech ze dokumentéieren, datt och entgéint deem, wat een an der Press konnt liesen, d'Chambre de Travail sech net unanime an integral géint dëse Projet ausgeschwat huet, erlaabt mer e kuerze Passage aus dem Avis minoritaire ze zitéieren, dee beweist, datt och an der Aarbechterkummer d'Meenungen iwwert dësen Text wäit ausernee gaange sinn.

Ech zitéieren also: « Comme chacun peut le constater, le XXIe siècle n'a pas bien commencé et nos sociétés sont confrontées à des structures terroristes nébuleuses, mais très rusées qui peuvent frapper à tout moment et n'importe où. La lutte contre le terrorisme ne peut plus être le domaine des Etats nations, surtout en Europe. C'est pourquoi une action concertée au plan supranational est nécessaire. Par conséquent, nous approuvons explicitement la décision-cadre du Conseil et le projet de loi qui s'en dégage. Nous sommes également d'avis qu'il faut couper les organisations terroristes des flux financiers qui les nourrissent. C'est la raison pour laquelle la convention des Nations Unies a également son utilité. » Dat sinn also net d'Auteure vum Projet, déi dat soen, mä dat ass d'Meenung vun enger ganzer Rei notoirë Représentantë vun der Aarbechterkummer.

Och de Statsrot huet sech intensiv besonnesch mat der Problematik vun der Aschreiwung an d'Gesetz vun enger Lëscht vun Infractioune beschäftegt, huet awer och eng Rei vu widderspréchlechen Aussoen doriwwer gemaach an huet trotz Bedenke keng besser Léisung proposéiert.

Dëst weist Iech dann och, Dir Dammen an Dir Hären, wéi schwéier d'Diskussioun um Punkt vun der Noutwendegkeet, fir eng Lëscht vun Infractiounen an de Gesetzestext anzeschreiwen, ass. Wann d'Kommissioun, an dat wëll ech hei ganz kloer nach eng Kéier betounen, sech schlussendlech an hirer Majoritéit dofir entscheet huet vun esou enger Aschreiwung an de Gesetzestext ofzegesinn, ass dat net well se e politesche Problem mat esou enger Aschreiwung gehat hätt, bien au contraire, si huet sech hei ganz eleng, an all déi Leit, déi an der Commission juridique sinn, kënnen dat bezeien, vu juristeschen Iwwerleeunge leede gelooss.

Ech mengen och hei soen ze kënnen am Numm vun all deene Kolleeginnen a Kolleegen, déi sech fir dës Léisung entscheet hunn, datt déi alleguerte politesch grad esou gutt hätte kënne mat esou enger Integratioun vun enger Lëscht an d'Gesetz liewen, esou datt een hei der Kommissioun sécherlech net kann de Virworf maachen, si hätt aus politeschen Iwwerleeunge liichtfankeg sech fir eng aner Optioun entscheet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer dann awer nach eng Kéier Iech déi Argumenter ze ginn, firwat eng Majoritéit vun der zoustänneger Kommissioun sech géint d'Opféierung vun enger Lëscht vun Infractiounen an de Gesetzestext ausgeschwat huet. Ech gesinn haaptsächlech dräi Argumenter, déi awer reng, an ech wëll et nach eng Kéier betounen, juristescher Natur sinn.

Éischtens, den Här Bodry huet et hei virdru scho gesot, huet doraus awer wëllen eng politesch Interpretatioun maachen, wat awer net richteg ass. Dës Lëscht wier sécherlech ni komplett gewiescht, well den Terrorismus sech par rapport zu méi engem groussen Eventail vun Infractioune ka manifestéiere wéi déi, déi an der Décision-cadre festgeschriwwe sinn. De Risiko wär also dee gewiescht, datt déi eng oder aner Infractioune vergiess gi wäre mam Resultat, datt fir déi Infractioun d'Décision-cadre, respektiv dat neit Gesetz, net méi uwendbar gewiescht wär.

Zweetens hätt dat bedeit, datt am Gesetzestext selwer eng ganz Rei vu Renvoiën hätte missen op aner Artikelen aus dem Code pénal gemaach ginn, déi primär Infractiounen betreffen. Dëst hätt de Risque bedeit, datt wann dës Artikele spéider eng Kéier ëmgeännert gi wären, datt dann den ëmgeännerten Text net méi konform zu der Décision-cadre gewiescht wär. Dobäi kënnt, datt eng ganz Rei vun deene Faiten, déi elo an der Décision-cadre opgelëscht ginn, zu kenger vun den aktuellen Infractiounen vum Code pénal korrespondéiert an dëst hätt alles dozou gefouert, datt mer herno e risegen Duercherneen an eisem Code pénal gehat hätten. Bis elo hat ëmmer déi zoustänneg Kommissioun d'Ambitioun méiglechst einfach a verständlech Texter ze maachen, wou zumindest déi Leit, déi all Dag heimadder a Kontakt sinn, sech kënnen erëmfannen, esou datt mer, wa mer dann eng Oplëschtung vun allen Infractiounen gemaach hätten, eigentlech mer a Kontradiktioun mat dëser Positioun an domadder mat eis selwer gewiescht wären.

Fir Iech einfach emol ze weisen zu wat esou eng Oplëschtung gefouert hätt, wëll ech Iech e klengen Deel vun där Lëscht virliesen, esou wéi se vum däitsche Bundestag an d'Gesetz iwwert den Terrorismus ageschriwwen gouf. Wéi gesot, et ass just e klengen Deel, ech zitéieren lech do eng Rei vun Infractiounen.

Dat geet u mam Alinea vum Artikel 306 vum Strafgesetzbuch Brandstiftung.

Da kënnt Artikel 306-A, schwere Brandstiftung.

Da kënnt den 306-B, besonders schwere Brandstiftung.

Da kënnt den 306-C, Brandstiftung mit Todesfolgen.

Da kënnt den Artikel 307, herbeiführen einer Explosion durch Kernenergie.

Artikel 308, herbeiführen einer Sprengstoffexplosion.

Artikel 309, Missbrauch ionisierender Strahlen.

Artikel 313, e ganz flotten Artikel, ech kommen nach eng Kéier herno op deen ze schwätzen, herbeiführen einer Überschwemmung.

Artikel 314, gemeingefährliche Vergiftung.

Artikel 316-B, Störung öffentlicher Betriebe, ganz interessant.

Artikel 330-A, schwere Gefährdung durch Freisetzen von Giften.

Artikel 316-1 oder 3, Störung öffentlicher Betriebe.

Artikel 317-1, Störung von Telekommunikatiounsanlagen, an ech kéint esou virufueren. Ech erspueren Iech dat awer, well soss wier ech nach eng ganz Rei Minutten amgaangen.

En drëtt Argument, Här President, ass dat, datt esouguer wa mer dann och eng Lëscht vun Infractiounen an de Gesetzestextageschriwwen hätten, mer domadder déi Bedenken, déi verschidde Kritiker géint den Text virbruecht hunn, trotzdeem net aus der Welt geschaaft hätten.

Och de Statsrot huet sech laang mat dëser Fro beschäftegt. Hien huet awer och keng alternativ Propositioun gemaach, huet awer au contraire gemengt, datt och eng Festschreiwung vun enger Lëscht déiselwecht Froe géif opwerfen, an ech erlabe mer hei de Statsrot ze zitéieren, dee seet: « Le choix ainsi opéré n'est pas sans susciter des interrogations sur les contours exacts de la nouvelle incrimination, quitte à ce qu'il convient d'emblée de relever que la délimitation matérielle du champ d'application de la nouvelle incrimination par rapport à une liste, soit infraction déterminée, soit de catégorie générique d'infraction, soulèverait les mêmes interrogations. » De Statsrot seet also ganz kloer, och wann Der déi Lëscht aschreift, ännert der fundamental iwwerhaapt näischt un der Situatioun.

Här President, ech mengen also schon, datt d'juristesch Kommissioun sech et net einfach gemaach huet an hirer Meenungsbildung, a sech hei wierklech nëmme vu juristeschen Iwwerleeunge leede gelooss huet. Well mer awer och an der Kommissioun der Meenung waren, datt ee misst all déi Infractiounen, déi a Relatioun mam Terrorismus gesat ginn, op déi limitéieren, déi vun enger gewëssener Gravitéit sinn, huet d'Kommissioun an engem Amendement proposéiert d'Prisongsstrofen, d'Maximalstrofen, vun zwee op dräi Joer erop ze setzen. Domadder falen, an dat wëll ech och emol eng Kéier hei soen, eng ganz Rei vun Infractiounen aus dem Champ d'application vum Gesetz eraus a mir ginn eigentlech iwwert dat eraus wat d'Directive-cadre virgesinn huet.

Ech kommen allerdéngs net derlaanscht fir hei op déi deelweis kontradiktoresch Positioun vum Statsrot zréckzekommen, deen a sengem éischten Avis den Text kritiséiert, well e fäert, datt hei d'Dieren ze vill grouss géifen opgemaach gi mam Risiko vun Abüen, duerno awer a sengem Avis complémentaire d'Auteure vum Amendement kritiséiert mam Argument, datt eigentlech den Eventail vun de potentielle primären Infractiounen esou large wéi méiglech misst gehale ginn a seng Konklusioun ass dann och déi, datt e seet: „Le projet de loi amendé resterait dès lors en deçà des exigences de la décision-cadre." Dat heescht, den Text geet net esou wäit wéi en eigentlech misst laut Décision-cadre goen.

Fir net falsch hei verstanen ze ginn, ech kritiséieren net d'Virgehensweis vum Statsrot, mä wollt heimadder beweise wéi schwéier och de Statsrot et sech gemaach huet an och schlussendlech kee besseren Text konnt proposéiere wéi dee vun der Regierung, respektiv deen, deen och vun der zoustänneger Kommissioun zréckbehale ginn ass.

Här President, Dir gesidd also wéi komplex, datt déi Fro vun der Lëscht vun den Infractiounen ass an eigentlech kee bis elo déi optimal Äntwert op déi berechtegt Bedenke vun enger Rei Leit fonnt huet. Ech sinn allerdéngs iwwerzeegt, datt duerch d'Eropsetze vun der Prisongsstrof vun zwee op dräi Joer eng Rei vu klengen a mëttleren Infractioune systematesch ausgeschloss ginn an domadder mir um Niveau vun der Europäescher Unioun sécherlech deen Text wäerten hunn, deen am restriktiivsten ass an net wéi hei behaapt gëtt, datt mir elo wierklech do géifen op e Wee goen, wou mer eis géife lächerlech maachen, well mer immens vill Infractioune géifen zréckbehalen.

***(Interruptions)***

Mme Wagener, ech ginn Iech elo zwee ganz konkret Beispiller, fir ze beweisen, datt mir net esou wäit gi wéi zum Beispill eis däitsch an eis belsch Frënn, an ech géif Iech do emol fir d'alleréischt den Artikel 526 vum belsche Code pénal nennen, deen an der Lëscht opgefouert gëtt. Dat ass en Artikel, dee geet iwwer « la destruction ou dégradation des tombeaux, monuments, objets d'art, titres documents ou autre papier ». Mir hunn do deeselwechten Artikel 526, dee virgesäit, datt fir déi Infractioun : « Sera puni d'un emprisonnement de huit jour à un an et d'une amende de 10.001 francs à 220.000 francs quiconque aura détruit, abattu, mutilé ou dégradé », an da kënnt eng Opzielung vun enger ganzer Rei vu Monumenter.

Nom belschem Text ass déi Infractioun dran. Dat heescht, an Zukunft kann déi Infractioun bestrooft ginn. Bei eis fält se eraus. Dat heescht, déi doten Infractioun gëtt net mat erageholl. Dat ass ee Beispill.

Ech ginn Iech en zweet Beispill. Ech hat scho virdrun dovunner geschwat. Den däitschen Text gesäit do en Artikel 313 vir. Dat ass „herbeiführen einer Überschwemmung". Dat ass ongefeier datselwecht wéi eisen Artikel 549 vum Code pénal. Bei eis ass do eng Strof virgesi vun 10.000 bis 120.000 Frang. Déi Infractioun fält also net drënner, contrairement zum däitschen Text, wou se drënner fält.

Ech kënnt Iech hei nach eng Onmass vun anere Beispiller nennen, fir Iech och ze beweisen, datt eisen Text wäit net esou grouss gefächert ass wéi déi auslännesch Texter an dofir kann ech och dee Virworf net akzeptéieren, datt mir hei géifen d'Dier besonnesch grouss opmaachen. Dat ass einfach net richteg.

Ech kann dofir och déi Kriticken net novollzéien, déi an de leschten Deeg an och haut an d'Feld gefouert gi sinn andeem notamment behaapt gëtt, datt Lëtzebuerg op europäeschem Plang dee repressiivsten Text géif adaptéieren. Et kann ee sécherlech eng Rei vun Argumenter géint dëse Projet an d'Feld féieren, mä déi Kritik ass sécherlech net berechtegt.

Här President, ech ginn dann och d'Gefill net lass, datt bei dësem Projet de loi, wéi och bei aneren, vill falsch Informatioun zu vill Confusioun an och onberechtegte Kriticke gefouert huet. Erlaabt mer dofir och eng Observatioun am Kontext vun där Protestaktioun, déi sech elo säit e puer Deeg virun eiser Chamber ofspillt. Ech hunn eigentlech vill Sympathien dofir, dass d'Jugend sech haut nach ka mobiliséiere fir oder géint verschidden Initiativen an och dësen Engagement duerch allméiglech Forme vun Aktiounen artikuléiert. Ech begréissen och expressément den Engagement fir net materiell Wäerter, dee leider Gottes an eiser Gesellschaft ëmmer méi kleng gëtt.

Ech hunn allerdéngs Problemer domat, dass déi Jugendlech, ier se dann esou eng Aktioun starten, net fir d'éischt emol eng Kéier versiche sech ëmgehend ze informéieren an och am Virfeld emol d'Gespréich mat politesche Responsablen ze sichen. Mir kréien an der Commission juridique zu ville Projeten Demandë fir Entrevuë vu Gewerkschaften, ONGen an aner Associatiounen aus der Société civile.

***(Interruption)***

Bei dësem Projet ass keng - Madame Wagener, da loosst mech dach schwätzen - eenzeg Demande erakomm, weder vun enger Associatioun aus der Société civile, nach vun enger ONG, nach vun enger Gewerkschaft.

Ech sinn iwwerzeegt, datt eng ganz Rei vu Viruerteeler hätte kënnen an esou engem Gespréich vum Dësch geraumt ginn. Ech vermëssen dann och, dass déiselwecht jonk Leit, déi sech hei mat guddem Recht Suergen iwwer e Gesetz maachen, mat därselwechter Vehemenz an deeneselwechten Aktiounen dat Attentat vum leschte Samschden zu Moskau condamnéiert hätten.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Ech hunn och keng vun all dësen opgereegte Stëmmen héieren, wéi onschëlleg Touristen d'Liewen an enger Moschee zu Djerba gelooss hunn a wéi vill jonk Leit op eng brutal Manéier an enger Diskothéik zu Bali ëmkomm sinn. Och dëst, Dir Dammen an Dir Hären, ass eng Feststellung aus där jiddferee seng eege Konklusioune soll zéien.

Här President, ech kommen domat zu menger Konklusioun. De Projet, dee mer haut hei stëmmen, ass en équilibréierten Text, deen déi schwiereg Gratwanderung fäerdeg brëngt zwëschent der Noutwendegkeet, déi Gäissel vun eiser Gesellschaft, déi den Terrorismus duerstellt, effikass ze bekämpfen, an dem Respekt vun de perséinleche Rechter vun all eenzelne Bierger. Dofir wäert dann och meng Fraktioun dëse Projet stëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all Mënsch huet Recht op Fräiheet a Sécherheet.

Esou steet et an der Grondrechtcharta vun der Europäescher Unioun. An dat ass eng vun den Haaptursaachen, firwat vill Leit, an dorënner och ech, Politik a virun allem Justizpolitik maachen.

An dësem 21. Jorhonnert hunn d'Bierger méi Fräiheet wéi jee virdrun. D'Nazien an d'kommunistesch Diktature si Gott sei Dank hannert eis. Leit, déi fréier Feinde waren an Europa, liewen elo niewenteneen a Fridden a Fräiheet. Mä dës Fräiheet, léif Kolleegen, ass net op éiweg garantéiert. Eis pluralistesch Demokratie kennt Feinden, Leit, déi net mat eisem Liewensstil d'accord sinn, Leit, déi net mat eiser Fassong, wéi mer eis Gesellschaft op eng demokratesch Aart a Weis wëlle regéieren an d'Problemer léisen, averstane sinn. Eis Sécherheet, eis bannescht Sécherheet, déi vu ville Länner an Europa an doriwwer eraus an och hei zu Lëtzebuerg gëtt oder ka bedrot ginn duerch eng grenziwwerschreidend organiséiert Kriminalitéit an duerch den internationalen Terrorismus.

A wann een dee Constat mécht, dann huet een als Regierung zwou Optiounen. Dat eent, dat ass déi fir sech net dogéint ze wieren. Da kritt ee vläicht manner Schwieregkeeten. Da verschwanne lues a lues eis Grondfräiheeten. Wann Extremisten, Krimineller, ondemokratesch Kräften amplaz vun den demokratesche Regierungen a Parlamenter Décisiounen huelen oder imposéiere wëllen. An déi aner Optioun, dat ass déi fir mat Energie, mat Determinatioun d'organiséiert Kriminalitéit an den Terrorismus ze bekämpfen.

D'Lëtzebuerger Regierung hëlt dës zweet Optioun, bei dësem Projet wéi bei anere Projeten. Wa mer nämlech de Kampf géint d'organiséiert Kriminalitéit an den Terrorismus mat Erfolleg féieren, da kënnen d'Leit a Fridden a Fräiheet an dofir och a Wuelstand liewen. Dëst Gesetz zesumme mat aneren Texter, an ech komme vläicht herno dorop zréck, well verschidde Virriedner och aner Gesetzer ugeschnidden hunn, beweist nach eng Kéier d'Zil wat mer hunn, fir mat Determinatioun eis Gesellschaft an duerno eis Grondfräiheeten ze schützen, an dofir musse mer Phenomeener wéi den Terrorismus bekämpfen.

Ech hunn an deene leschten Deeg heiansdo gemengt, datt verschidde Leit den 11. September 2001 vergiess hätten. Oder datt se vergiess hätten, déi onschëlleg Affer an Italien an an Däitschland an deene leschte Jorzéngten. Datt se vergiess hunn, déi Affer an Irland an a Spuenien all Dag, och an dëse Wochen a Méint. Onschëlleg Leit stierwen ënner terroristeschen Attentater, well Leit mat Gewalt, an net mat demokratesche Mëttelen, hir politesch Ziler wëllen erreechen. An dofir ass a bleift den Terrorismus eng Gefor fir eis Zivilisatioun. Et ass eng Gefor fir eis Demokratie. Et ass eng Gefor fir den internationale Fridden a fir d'Sécherheet. Et ass e Verbriechen, a mir wäerten et bekämpfen. Mir wäerten et an Europa an zu Lëtzebuerg an op anere Kontinenter an enger enker Zesummenaarbecht mat deene bekämpfen.

Natierlech ass d'Preventioun an d'Ursaacheforschung e wichtegt Element, mä mir maachen hei e Projet de loi fir deen d'Justizpolitik zoustänneg ass, an datt d'Madame Wagener fënnt, datt mer am Exposé des motifs net kloer genuch iwwer all d'Ursaache geschriwwen hätten, dann akzeptéieren ech dat, mä e Projet de loi ass kee Buch. Ech wëll awer drop hiweisen, dass zu Laeken, wou d'Stats- an d'Regierungschefen eis och do den Optrag ginn hu mat dësem Text virunzekommen, ganz sécher eng méi global Approche zu där ganzer Problematik vum Terrorismus geholl ginn ass, där vu ville Fachministeren - dorënner d'Entwécklungsministeren, dorënner d'Ausseministeren - selbstverständlech Attentioun gi gëtt.

Preventioun ass wichteg a Preventioun gëllt och op deene Pläng, wou mer méi zoustänneg sinn, nämlech deene vun der Police. An et ass selbstverständlech noutwendeg, datt mer den Echange d'information verbesseren tëschent de Geheimdéngschter, den Echange d'information tëschent de Policen, fir am Virfeld d'Geforen, déi den Terrorismus bréngen, besser kënnen ze écartéieren.

Mir hunn zu Lëtzebuerg, net wéi an anere Länner, nom 11. September d'Pouvoirë vun der Police erweitert. Mir hunn après mûre réflexion dëse Projet erabruecht. Mir hunn net dat gemaach wat déi rout-gréng Regierung an Däitschland gemaach huet a sengen zwee « Antiterrorpakete », wou ech emol gäre gesinn hätt wéi déi hei zu Lëtzebuerg kommentéiert gi wäre vun deenen, déi haut hei dëse Projet schaarf kritiséiert hunn.

***(Interruption)***

Ech stelle just fest, datt déi Regierungen, déi Iech am Ausland no stinn, Gesetzer gemaach hunn, mä oft aus guddem Grond, well se wëssen…

***(Interruptions)***

Ech wëll jo gären hunn, datt Dir mengt, eist Land hätt d'Mauer ronderëm stoen, wou all organiséiert Kriminalitéit an Terrorismus einfach op der Grenz ophält, mä doriwwer mengen ech kënne mer op enger anerer Plaz schwätzen.

Och de repressive Volet ass, wann een net wëllt, datt et eng Insel an Europa gëtt, wou sech kënnen terroristesch Elementer ophalen, da muss ee mat engem Code pénal ëmgoen, deen der Kriminalitéit vun dëser Zäit Rechnung dréit.

An deen Text vun der Décision-cadre, de Rahmebeschluss iwwert den Terrorismus, deen hu mer nom 11. September ugeholl. Et ass richteg, datt scho virdrun d'europäesch Kommissioun un deenen Texter geschafft huet. Mä et war de Schock vun deenen dramateschen Evénementer vum 11. September 2001, deen et mat sech bruecht hunn, datt mer an deenen Deeg direkt nom 11. September eis alleguerte gesot hunn an der Europäescher Unioun, d'Stats- an d'Regierungschefen an d'Justizministeren, jiddfereen a sengem Beräich, datt mer bis Enn des Joers 2001 misste mat engem Text kommen iwwert den europäeschen Haftbefehl an iwwert d'Infractioun vum Terrorismus.

Dëst Gesetz war noutwendeg, well eng Rei Länner, dorënner Lëtzebuerg, keen Terrorismusparagraph haten. Ëm sechs, siwe Länner hate schonn een, déi hunn en ausgeweitet, an anerer hate keen, dorënner ware mir. An dunn hu mer eng Definitioun geschriwwen, an ech war op ville Sitzungen derbäi, an ech sinn net een, deen hikënnt a seet: Jo, et ass en Text zu Bréissel, dee mer ëmsetzen. Ech hunn deem Text am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung zougestëmmt, mä et ass awer och richteg wéi mäi Virriedner hei gesot huet, dass 14 aner Justizministeren deem Text och zougestëmmt hunn. Mir hu laang diskutéiert iwwert déi Definitioun.

Ech si gären d'accord, dass déi Definitioun vläicht net perfekt ass, mä akzeptéiert awer wéinstens, dass et d'Justizministere vu 15 Länner ware mat hire Kollaborateuren, déi no laange Sitzungen dësen Text, dës Definitioun ugeholl hunn. Wann een also dat heite kritiséiert, wat jiddferengem säi gutt Recht ass, da muss een awer iwwert d'Mauer vun eisem Land eriwwer kucken, fir ze gesinn, wou deen Text hierkënnt, an dat ass nun emol de Rahmenbeschluss, deen zu 15 ugeholl ginn ass, well an deem Beräich ass nach ëmmer Unanimitéit, an ech wär frou, wann an der Regierungskonferenz géing d'Majorité qualifiée gefrot ginn, mä dat ass fir en aneren Débat. Mir hunn à l'unanimité déi Definitioun ugeholl.

An dann ass et och wichteg, an op dat huet de Rapporteur Patrick Santer, deem ech fir seng gutt Aarbecht hei wëll am Numm vun der Regierung merci soen, higewisen, dass et jo net einfach esou ass, dass do eng Definitioun besteet, mä et gëtt nach eng ganz Rei Konditiounen, déi erfëllt musse sinn, fir dass et iwwerhaapt zu engem terroristeschen Akt ka kommen: „Tout crime et délit punissable d'un emprisonnemenrt d'un maximum d'au moins trois ans." Et muss also eng schlëmm Strofdot gemaach gi sinn, fir dass iwwerhaapt een emol sech kann eventuell an déi Situatioun setzen, dass et kënnt eng terroristesch Infractioun sinn.

Mä da kënnt déi zweet an drëtt Konditioun. De Patrick Santer huet se am Detail erkläert, dofir ginn ech wéinst der spéider Stonn net méi am Detail drop an, wëll awer, dass d'Leit wësse vu wat mir schwätzen. Et muss een also eng grave Infractioun gemaach hunn, an déi muss duerch hir Natur oder de Kontext engem Land oder senge Leit seriöe Schued zougefügt hunn, an et muss een d'Absicht gehat hunn, den Elément intentionnel, en terroristescht Zil ze verfollegen.

Et ass also villes an där Definitioun, villes och an deene Konditiounen, déi mussen erfëllt sinn, éier dee Paragraph ka spillen, well mir schwätzen hei vun enger ganz seriöer Infractioun.

De Fait, dass mer keng laang Lëscht gemaach hunn, huet den honorablen Här Mosar elo grad am Kontext vun den auslännesche Législatioune ganz gutt beliicht. Ech wëll Iech zwee Elementer vläicht nach dobäi soen, déi och net onwichteg sinn.

Dat eent, wat interessant ass, ass, dass Däitschland, dat esou en Terrorismus-Paragraph hat, décidéiert huet deen auszeweiten. An der offizieller Matdeelung vum däitsche Justizminister steet: „Die geplante Gesetzesänderung sieht vor den Katalog der Straftaten zu erweitern", well ebe se just der Meenung waren, dass deen Text, dee se virdrun haten, net wäit genuch gaangen ass, a si also d'Ambitioun hunn am Terrorismus eng Leaderroll anzehuelen. De Spriecher vun der sozialistescher Fraktioun am däitsche Bundestag, de Joachim Stünker, huet do Folgendes gesot: „Durch die Umsetzung des Rahmenbeschlusses ins nationale Recht bauen wir unseren Spitzenplatz bei der Bekämpfung des Terrorismus in Europa aus."

D'Ambitioun, dem Terrorismus keng Chance ze ginn, ass eng richteg, déi dierf net egal wéi an en Text ageschriwwe ginn. Mir hunn hei eng Definitioun iwwerholl, déi aus der Décision-cadre erausgeet, an dee Kritär, fir ze soen et sinn all d'Infractioune mat engem gewëssene Strofmooss.

Ech wëll Iech soen, dass déi franséisch Regierung an hirem Text iwwert de Blanchiment, iwwert d'Geldwäsch, genau deen dote Wee gaangen ass fir ze soen, Infractions primaires vum Blanchiment, vun der Geldwäsch, sinn all d'Infractiounen, déi e gewëssene Strofmooss am Code pénal hunn. Et ass also eng Method, déi och an anere Länner geholl ginn ass, an dat war déi Zäit, wou a Frankräich d'Sozialisten an der Regierung waren - dat kritiséieren ech net -, mä ech wëll domat soen, et ass eng Method, déi geholl gëtt, fir ze soen, d'Basisinfractioun muss eng schlëmm Dot sinn oder eng manner schlëmm, jee nodeem wat fir e Seuil een hëlt. Et ass also net, dass mer hei eppes maachen, wat mir iergendwou eng Kéier um Boulevard royal erfonnt hätten an domat duerch d'Stad gaange wären. Et ass e bësse méi Iwwerleeës do derhannert.

Déi aner Argumenter, déi net fir eng Lëscht plädéiert hunn, huet den Här Mosar hei exposéiert. Ech kommen net méi dorobber zréck. Et muss een och gesinn, dass et eng onofhängeg Justiz ass, an een esou wéi bei all aneren Infractiounen am Detail muss kucken, ob d'Konditioune vun der terroristescher Infractioun gi sinn. Grad esou wéi bei der Association de malfaiteurs, wou och muss gekuckt ginn, ob dat esou eng ass. Dat ass net automatesch de Fall. Et ass un der Justiz ze kucken, wat fir eng Elementer gi sinn, éier se kann esou eng Infractioun an engem Jugement zu enger Condamnatioun féieren.

An et ass evident, an dat ass bei all Infractioun esou, dass déi an der Verfassung oder an der europäescher Mënscherechtskonventioun verankert Grondrechter heimat net touchéiert ginn, mä selbstverständlech sinn dat och alles keng absolut Grondrechter. Och den Exercice vun engem Grondrecht erlaabt engem net alles ze maachen. Et sinn ëmmer Limiten do, déi aner Grondrechter setzen, respektiv déi d'Strofgesetzbuch setzt.

D'Versammlungsfräiheet, d'Ausdrocksfräiheet ginn duerch dëst Gesetz net touchéiert. Deen, dee friddlech seng Meenung seet, an och wann dat eng aner Meenung ass wéi déi vun der Regierung oder der parlamentarescher Majoritéit, dee fält net ënner dëst Gesetz. Et soll een also ophalen, esou wéi bei anere Gesetzer, egal wat ze behaapten. Och de Proportionalitéitsprinzip ass respektéiert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- A wat fir engem Sënn bei de Sanktiounen?

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Ech géif Iech bieden de Préambule vun der Décision-cadre ze liesen, well mir haten doriwwer och eng Diskussioun am europäesche Ministerrot, a mir waren der Meenung, dass de Fait, dass d'Geriichter hei ënner enger breeder Marge vun engem Strofmooss ze décidéieren hunn opgrond vun enger ganzer Rei vun Elementer, dass och all déi aner Prinzipie vum europäesche Mënscherechtsgeriichtshaff an der Jurisprudenz vu Stroossbuerg respektéiert ginn.

Dëse Projet de loi huet awer och en anere Punkt, deen de Mëtten hei net ganz vill Bëuechtung fonnt huet, an och net an der Debatt an deene leschten Deeg. Et ass de Finanzement vum Terrorismus. Wa verschidde Kolleegen de Mëtten hei gesot hu Lëtzebuerg wär vläicht net direkt eng grouss Zilscheif vun Terrorismus, da wëll ech éischtens do soen, dass dat vläicht richteg ass, mä dass een natierlech net évitéiere kann, dass sech Leit, déi hei am Kontakt si mat Extremisten, voire potenziellen Terroristen, dass déi sech kënnen zu Lëtzebuerg ophalen. Dat war an der Vergaangenheet esou de Fall.

Ech erënneren un e Waffelager, wat viru Joren am Süde vum Land fonnt ginn ass. Ech erënneren un déi Perquisitiounen, déi d'Justiz ordonnéiert huet am fundamentalistesche Milieu, wou eng ganz Rei impressionant Saache fonnt gi sinn. Perquisitiounen, déi iwwregens gemaach gi sinn opgrond vun Texter, déi haut schonn an eisem Code pénal sinn, mä wou een awer muss kucken, ob déi duerginn, well ech wëll net eng Kéier an enger Situatioun sinn, wou gesot gëtt, ma wann déi deemools e Gesetz gemaach hätten, da kënnte mer hei poursuivéieren. Wann een an der Regierung ass, dann huet een eng Responsabilitéit an da muss een se huelen.

Mam Finanzement vum Terrorismus, do hu mer nach vill méi eng grouss Responsabilitéit. Mir wunnen an engem Land, wat eng vun deene gréisste Finanzplazen an Europa huet. A wann ee gesäit, wat fir eng Méiglechkeeten eng Finanzplaz bitt, well am Terrorismus kënnen et legal Sue sinn, déi fir en illegalen Zweck gebraucht ginn, woubäi et beim Blanchiment illegal Sue sinn, déi wäissgewäsch ginn, da muss een dach do en Text hunn. Mir hunn an der Vergaangenheet an och nom 11. September Sue blockéiert opgrond vun Texter vum Blanchiment, wou ech ëmmer fonnt hunn, dass et wichteg wär, dass mer hei juristesch Prezisioune géingen an déi Texter erabréngen. Dofir sinn ech frou, dass mer dat hei gemaach hunn.

An et ass net erwähnt ginn, dass d'Regierung drop gehalen huet, dass de Finanzement vum Terrorismus mat deenen nämlechte Strofe géing bestrooft gi wéi den terroristeschen Akt selwer, well d'Regierung der Meenung ass, dass deen, deen als Hintermann figuréiert, deen, dee Sue gëtt mat esou engem Zil, dass dee wuel esou schlëmm ass wéi deen, deen den terroristeschen Akt ausféiert.

A wann een d'Analys vum 11. September mécht, da war dat net nëmmen e Match vun Aarme géint Räicher. Do ginn dach vill Terroriste recrutéiert, mä ganz vill vun deenen, déi do derhannert stongen, hunn zu mat deene Räichsten aus der arabescher Welt gehéiert, an dofir muss een och do an der Ursaachefuerschung dat net eesäiteg gesinn, et muss een also och ganz gutt gesinn, dass mam Terrorismus mir mat engem Phenomeen befaasst sinn, dee méi komplex ass wéi all d'Konflikter, déi mir virdru vläicht kannt hunn.

Här President, wéi ech de Mëtten déi Rieden héieren hunn, an och déi lescht Deeg, do hunn ech mer geduecht an der Politik kann ee sech et heiansdo awer och vill méi einfach maachen a just näischt maachen, frëndlech duerch d'Land goen an de Leit e Bonjour soen. Da kritt ee vläicht kee béisen Artikel an et kritt ee keng Kriticken. Wann, an ech soen dat, well och de Mëtten hei eng Rei aner Projeten awer opgefouert gi sinn, Leit illegal Privatbesëtz wéi Geschäfter besetzen, da kann een als Regierung soen, mäi Gott et ass eis egal, mir hu keen Text, mir maachen näischt.

Wa Leit illegal an e Land areesen a sech do ophalen, da kann een als Regierung soen, mäi Gott mir maachen näischt, da gëtt et och keng Diskussioun. Wa Leit als Affer an als Zeien an engem Prozess, wou et ëm organiséiert Kriminalitéit oder Terrorismus geet, optrieden a fäerte fir auszesoen, an datt een dofir an der Poursuite net virukënnt, da kann ee soen: Mäi Gott, da ginn déi Affären eben net poursuivéiert.

Ech muss soen…

***(Interruption)***

Den Här Bodry huet déi Punkten ugeschnidden, dann erlaabt mer - ech hunn hien net ënnerbrach - och déi Saachen ze soen. Mir schwätzen hei zënter dräi Auer an elo ass et halwer aacht, elo ass et u mir fir ze schwätzen.

***(Interruption)***

Neen, neen, guer net.

Ech soe just, datt wann een also mat engem Problem konfrontéiert ass, da muss een de Problem a mengen Aen ugoen. A mir hunn déi anonym Zeienaussoe justement proposéiert, well mer festgestallt hunn, datt a graven Affäre vu grousser Kriminalitéit et e reelle Problem gëtt, fir an der Poursuite weiderzekommen. An duerfir hu mer och net eppes gemaach, wat absolut net besteet, well dat besteet am Ausland an Holland zënter den 90er Joren, am Frankräich war et déi sozialistesch Regierung 2001, déi dat an hiert Gesetz agefouert huet, an der Belsch 2001 déi rout-gréng Regierung, déi do um Pouvoir war, a mir proposéieren dat nämlecht, well mer och ënnert de Justizministeren an Europa doriwwer diskutéieren.

Elo muss dat jo net dat Gielt vum Ee sinn, ech hätt just gären, datt een a sengen Analysen, a sengen Nuancen, net eppes dohinner

stellt, wéi wann dat eppes aus dem Mëttelalter wär, wat ech elo op eemol erfonnt hätt, fir d'Inquisitioun erëm anzeféieren, mä well ech gären hätt…

***(Interruption)***

Neen, neen, mä et ass de Mëtten hei och vun…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech hunn net gesot ech géif déi Appréciatioun deelen!

Une voix.- Net en Amalgame maachen!

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Den Témoignage anonyme, den Hausfriddensbroch ass, an déi zwee Punkte sinn de Mëtten hei opgeruff ginn, an ech soen Iech, …

***(Interruption)***

Mä ech si frou wann d'Sozialisten elo mat mir d'accord sinn.

Ech wëll Iech just soen, datt meng Konzeptioun vu Politik déi ass, datt wann ee Problemer gesäit, an ech hunn Iech der dräi opgezielt an deem Beräich, déi elo hei de Mëtten opgezielt gi sinn, da muss een natierlech Kriticken héieren, och wa se wéi bei dësem Projet, contrairement zu deem wat am Ufank vun dëser Debatt de Mëtte gesot ginn ass, mengen ech, net eng grouss Debatt am Lëtzebuerger Land maachen, mä wa berechtegt Kriticken oder onberechtegt Kritickе vun e puer Leit do sinn, da muss een déi héieren a respektéieren.

Mä deen, deen an der politescher Responsabilitéit ass, dee muss och de Courage hunn da Faarf ze bekennen. An et ass dann um Parlament, an deem déi vum Vollek gewielten demokratesch Vertrieder sëtzen, fir eng Décisioun ze huelen. An dofir mengen ech ass et richteg, datt d'Parlament de Mëtten heiriwwer laang debattéiert huet an dann zu enger Konklusioun kënnt.

De Stat huet an den Ae vun der Regierung d'Pflicht eis traditionell Grondfräiheeten ze schützen, an duerfir muss en och do agräifen, wou se a Fro gestallt gi sinn. A beim Terrorismus sinn déi Grondfräiheeten a Fro gestallt, wéi och an aneren Domäner, déi ech elo virun e puer Minutten ugeschnidden hunn.

Dëst Gesetz, Här President, ass keng Aschränkung vun iergendwelche Grondfräiheeten. Ech kann Iech och soen, datt d'Regierung bei all hire Projete besuergt ass e Gläichgewiicht ze fannen tëschent de Grondrechter an der noutwendeger Bekämpfung vun der Kriminalitéit. D'Suerg ëm d'Grondrechter ass net de Monopol vun e puer Leit oder e puer Organisatiounen. Et ass d'Suerg, ech kann Iech dat soen, vun der ganzer Regierung an ech mengen och vu villen, déi dëse Projet de loi hei ënnerstëtzt hunn.

Mä et geet och net, datt een naiv duerch d'Welt geet an d'Aen zoumécht, wa kriminell Organisatiounen oder terroristesch Mouvementer eis Gesellschaft wëllen zerstéieren. Mir sinn dervun iwwerzeegt, datt an esou Situatiounen de Stat sech muss wieren, an dofir muss ee sech d'Instrumenter ginn, fir wann esou Gefore kommen - a mir hoffen, datt se net kommen -, datt een dann d'Instrumenter huet fir kënnen ze agéieren.

Hei geet et ëm Leit, déi eng schlëmm Strofdot maache fir zu hiren Ziler ze kommen. Hei geet et net ëm Leit, déi einfach eng aner Meenung hunn, an déi soen. Hei geet et also net ëm friddlech Demonstranten, hei geet et net ëm Leit, wéi gesot, déi net mat der Regierung d'accord sinn.

Den Terrorismus ass eng eescht Verletzung vun de Grondfräiheeten. Den Terrorismus ass eng Gefor fir Mënscherechter, eng Gefor fir d'Prinzipie vu Fräiheet an Demokratie. A mat dësem Gesetz gëtt dofir keng Ausdrocksfräiheetageschränkt. Dëse Projet respektéiert déi friddlech ausgeübte Grondrechter an deen, deen eis pluralistesch Demokratie wëllt schützen, deen, dee wëllt, datt de Stat ka géint Krimineller an Terroriste virgoen, deen invitéieren ech am Numm vun der Regierung dëse Projet ze stëmmen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Kolleeginnen a Kolleegen, domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4954 ass ugeholl mat 41 Jo- an 19 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Patrick Santer), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par Mme Nelly Stein), Fred Sunnen (par Mme Nancy Arendt), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par Mme Simone Beissel), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart (par M. Mars Di Bartolomeo) et Marc Zanussi (par Mme Lydie Err);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

## 9. 5102 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un bâtiment pour le Centre de Recherche Public Henri Tudor et le Centre de Technologie de l'Education à Luxembourg-Kirchberg (suite)

An dann hu mer nach iwwert e Projet ofzestëmmen iwwert de Centre de recherche public Henri Tudor.

Beim Projet de loi 5102 ass d'Lecture vun den Artikele geschitt a mir kënnen direkt zum Vote iwwergoen. Mir stëmmen also of iwwert de Projet de loi 5102 iwwert de Centre de recherche Henri Tudor.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5102 ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen an 8 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Patrick Santer), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Fred Sunnen (par Mme Nancy Arendt), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Georges Wohlfart (par M. Mars Di Bartolomeo) et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Kolleeginnen a Kolleegen, eisen Ordre du jour huet virgesinn, dass mer haut nach géingen dräi Projeten evakuéieren. Wa mer op d'Auer kucken an d'Engagementer gesinn, déi verschidde Kolleegen hunn, a wa mer den Ordre du jour vum nächsten Donneschde kucken, da menge mer misst et materiell méiglech sinn, fir déi Projeten dann och nach ze evakuéieren.

Ech wëll awer d'Chamber froen, ob se mat der Propositioun d'accord ass.

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Domadder wäre mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtten a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 19.31 heures)***

# MERCREDI, 9 JUILLET 2003 — 69E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Nico Loes, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. 5136 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Bulgarie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

   5137 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République d'Estonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

   5138 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lettonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

   5139 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lituanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

   5140 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la Roumanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

   5141 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République Slovaque, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

   5142 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Slovénie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

   *(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte des projets de loi - Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel)*

2. 4929 - Projet de loi autorisant l'Etat à participer au financement des travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées générées par les localités regroupées autour du lac de la Haute-Sûre

   *(Rapport de la Commission des Affaires intérieures - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Michel Wolter, Ministre.

***(Début de la séance publique à 14.32 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen? Dat ass net de Fall.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 5136 bis 5142 iwwert d'Bäitrëttsverträg fir d'NATO vu Bulgarien, Estland, Lettland, Litauen, Rumänien, der Slowakei a Slowenien. Déi siwe Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deene Projeten, den honorablen Här Emile Calmes.

1. 5136 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Bulgarie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

5137 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République d'Estonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

5138 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lettonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

5139 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lituanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

5140 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la Roumanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

5141 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République Slovaque, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

5142 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Slovénie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense***

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, bedéngt duerch déi grouss strategesch Changementer op Grond vun der Opléisung vun der fréierer UDSSR, dem Warschauer Pakt an de Krisen am Balkan ass et evident ginn, datt déi Länner aus Zentral- an Osteuropa, dat heescht Bulgarien, Estland, Lettland, Litauen, Rumänien, Slowenien an d'Slowakei erëm wollten, ëmmer iwwert de Wee vun der NATO, an d'europäesch Famill zréckkommen, wou se fréier eemol dra waren a wou se u sech och higehéieren. Dofir mengen ech kann ee vun engem historesche Moment schwätzen, vun engem wichtege Meilesteen am Kader vum Renforcement vun der Stabilitéit an der Sécherheet hei an Europa, nodeem viru véier Joer déi tschechesch Republik, Polen an Ungarn deeselwechte Wee gemaach haten.

D'Décisioun vun de Stats- a Regierungschefe vun 1994 baséiert op engem vun deene grousse Prinzipië vun der NATO, nämlech deem, datt den Erweiterungsprinzip en oppenen a kontinuierleche Prozess muss sinn, esou wéi et am Artikel 10 vum Traité vu Washington vun 1949 festgehale ginn ass. Doropshin ass 1995 eng Etüd iwwert de Firwat an de Wéi vun den zukünftegen Admissioune vun enger zéng Länner an d'Allianz gemaach ginn, wou awer jiddereent op seng eege Situatioun analyséiert soll ginn. Wat de Firwat ugeet, koum dës Etüd zur Konklusioun, datt nom Enn vum kale Krich an dem Verschwanne vum Warschauer Pakt et néideg an och eng eemoleg Geleeënheet wier, fir eng méi generell Sécherheetsstruktur am euro-atlantesche Raum opzebauen, fir esou dann och ze vermeiden, datt déi al Trennungslinn bestoe bleift, dat Ganzt foussfaassend op dem Wëlle vun enger reeller Kooperatioun an engem reelle Partenariat.

Dat mécht Sënn, well d'NATO ass a bleift momentan iwwert den Artikel 5 eng defensiv Allianz, déi virun allem als Zil huet, de Fridden ze preservéieren an d'Sécherheet vu senge Memberen ze garantéieren, awer och vun aneren iwwert de Wee vun der UNO. Dësen Elargissement erlaabt et och déi demokratesch, politesch, wirtschaftlech a militäresch Formen an de Länner vun Ost- a Südeuropa ze konsolidéieren an ze accéléréieren. Et ass gemengt ginn, datt et dofir méi opportun wier d'Reformen an deene Länner ze favoriséieren, wa se nach net an der NATO-Organisatioun dra wieren, mä wa mer se à l'écart géifen halen, bis datt se wierklech prett wieren eis nozekommen.

Déiselwecht Iwwerleeung, mengen ech, huet och dozou gefouert, datt fënnef vun dëse Länner gläichzäiteg an d'Europäesch Unioun kënnen erakommen. Dësen Elargissement um Verteidegungsplang bréngt Transparenz, net nëmme fir d'Arméien, mä och fir d'Militärbudgeten, an doduerch bedéngt Vertrauen tëschent de Staten a selbstverständlech och Integratioun a Kooperatioun an Europa. D'Adhésioun vun dësen neie Länner an d'NATO renforcéiert och hir Capacitéit, eppes zur europäescher an internationaler Sécherheet bäizedroen, an all Aktivitéiten, déi am Sënn vum Maintien de la paix gemaach gi sinn an och nach gemaach ginn, duerno ze ënnerstëtzen.

Beim Wéi huet d'Etüd erginn, datt déi nei Memberen, wa se gären dobäi kommen, d'Rechter an d'Flichten, esou wéi se am Washingtoner Traité sinn, integral mussen akzeptéieren. Si mussen och déi politesch Prinzipien a Prozeduren, déi et de Moment an der NATO gëtt, akzeptéieren, a sech och den unanimen Décisiounen ënnerwerfen.

Den Entréesbilljee fir an d'NATO eran hunn déi Länner hei sécher net zum Nulltarif kritt, an et huet ee vun hinnen dach awer eng erheblech Ustrengung verlaangt, fir déi Viraussetzungen ze erfëllen, déi vun hinne verlaangt gi sinn. An deem Sënn louch d'Lat relativ héich andeems et der eestëmmeger Zoustëmmung vun allen NATO-Membere bedéngt huet.

Et sinn och un déi Länner do ganz héich Usprëch, wat déi demokratesch Strukturen ubelaangt, gesat ginn, a virun allem hu se och misse wirtschaftlech Fortschrëtter noweise kënnen. Selbstverständlech hunn dës Länner och um militäresche Plang bei sech selwer ënnerschiddlech Efforte musse maachen. Virun allem Bulgarien, Rumänien an d'Slowakei hunn hir Arméien enorm musse reduzéieren, ëm bal en Drëttel. Si hu se mussen ëmbauen, an och interoperationell maachen. Déi aner Staten, déi baltesch a Slowenien, hunn nei Sécherheetsarméie mussen opbauen, déi natierlech an engem multinationalen Szenario vill méi kleng kënne sinn, wéi dat hätt misse sinn, wa se sech national organiséiert hätten.

Et dierf een net iwwerraschen, datt déi Länner hei relativ gutt viru komm sinn, well se a Bosnien-Herzegowina, respektiv och am Kosowo schonn operativ mat anere Länner zesumme waren. Ech mengen och net, datt de Militärbudget, deen dës Länner agesat hunn, ausschlaggebend war fir datt déi siwe Länner an d'NATO konnten erakommen. Ech mengen éischter, datt et de richtege Geescht war dee bei dëse Länner geherrscht huet, an ech mengen, et ass och dee Geescht, dee prédominant ass fir an d'Europäesch Unioun eran ze kommen. Ganz vill vun deene Länner do hunn nach net dee Prozentsaz vun hirem PIB erreecht, dee se a sech missten erreechen, fir sech unzepassen. Dat huet also keng Roll gespillt.

Et huet dëse Bäitrëttslänner awer natierlech och ganz vill bruecht, well als Géigeleeschtung hu si jo an hiren nationale Staten Stabilitéit an och Ënnerstëtzung, am Fall wou, zougesprach kritt. Stabilitéit bedeit d'Basis an d'Grondlag fir all gesellschaftlech a wirtschaftlech Prospéritéit, an dës Stabilitéit ass d'Viraussetzung an d'Bedéngung fir de Wee fir Investitiounen opzemaachen an d'Abréngen och an déi Länner do vun auslänneschem Kapital.

Eleng schonn d'Perspektiv vun engem NATO-Bäitrëtt huet dës Länner dozou beweegt Reformustrengungen an den Demokratiséierungsprozess ze beschleunegen. An dësem Sënn ass och 1995 en Aktiounsprogramm fir d'Adhésioun an d'NATO virgesi gewiescht; an dësem „membership action plan" waren d'Virbedéngungen all enthalen, an dat net nëmmen um militäresche Plang, mä och um Niveau vun der Demokratie, der Rechtsstatlechkeet, den ethnesche Froen, de Mënscherechter, der gudder Noperschaft an der ziviler Kontroll vun der Arméi.

Dat wat zum Fridden an zu der Entwécklung vun deene Länner do bäidréit, wësse mer natierlech alleguerten. Ech menge wann d'NATO an deene Länner an deene leschte Joren, dat heescht ab 1990 da fir soss näischt gutt gewiescht wär, da wär se awer ëmmerhi gutt gewiescht fir a Mëttel- an Osteuropa fir politesch a wirtschaftlech Stabilitéit ze suergen. Och dat erëm huet eis Europäer awer gutt viru gehollef andeem datt jo och déi meescht vun deene Länner do gläichzäiteg an d'EU wëlle kommen.

D'Tatsaach datt dës Länner sech konnte sécher fillen - déi sinn nämlech scho während 60-70 Joer ënnerdréckt ginn an hu bis haut Angscht virun hirer eegener Sécherheet gehat, an et kann een dat nëmme fille wann ee sech an hir Situatioun versetzt - huet hinnen dann awer erlaabt Reformen duerchzezéien, déi soss vläicht net esou séier virugaange wären. Europa war leider net à même dës Sécherheet ze bidden. An deem Sënn ass et kloer, datt de groussen Notznéisser vun dësen NATO-Bäitrëtter selbstverständlech erëm eemol d'Europäesch Unioun ass.

Selbstverständlech kann näischt, wat déi europäesch Sécherheet ugeet, lassgeléist vun enger Kooperatioun, jo esouguer engem Partenariat mat Russland gemaach ginn. Dat ass onauswäichlech, jo onverzichtbar. An deem Sënn funktionéiert jo och een NATO-Russland-Rot, respektiv eng NATO-Ukraine-Kommissioun, déi och am Kader vun dëse Bäitrëtter viru leeft.

Och wann d'NATO elo méi grouss gëtt, an d'Stabilitéit an d'Sécherheetszon, déi d'NATO fir hir Membere schaaft, ausgebreet gëtt an hir traditionell Aufgab, nämlech déi, datt den Artikel 5 fir all déi Länner spillt, déi Member sinn, dat heescht am Fall vun engem Ugréff déi aner Länner deem Land hëllefen, wat ugegraff gëtt, mengen ech ass den Haaptobjektiv vun der NATO-Grëndung vun 1949 awer ewech gefall an deem Sënn, datt et de Warschauer Pakt net méi gëtt, datt deen net méi existéiert. Och wann dat richteg ass, mengen ech, ass et awer esou, datt fir d'NATO-Länner d'Risikoen an Zukunft net manner wäerte sinn, mä ech mengen, datt déi Risikoë fir dës Länner éischter aneschters sinn, an ech mengen och, datt d'NATO sech dëser Diskussioun muss stellen, wou, wéi a wat an Zukunft hir Missioun soll sinn. Dat ass nämlech de Paradox vun dëser NATO-Erweiderung, déi op där enger Säit déi militäresch Integratioun an Europa virun dreift, a fir eis sécher hei an Europa méi Sécherheet bedeit, op där anerer Säit awer d'Meenungen, d'Standpunkter an d'Approchen oft ganz anerer sinn, virun allem à la suite vum 11. September.

Obschonn den Artikel 5 fir d'Bekämpfung vum Terrorismus a Kraaft gesat ginn ass, ass et dach awer zu ënnerschiddlechen Aktiounen an och Reaktioune komm. Virun allem sinn d'Amerikaner hiren eegene Wee gaangen. Dat huet méi wéi jee domat ze dinn, datt d'Amerikaner haut staark sinn, ganz staark sinn, an dat ass u sech de Problem, deen an der NATO besteet. Dat dierf allerdéngs net onbedéngt den Amerikaner hire Feeler sinn, mä ech mengen, et hätt éischter domat ze dinn, datt den zweete Pilier an der NATO, deen d'Europäesch Unioun soll duerstellen, ze schwaach ass par rapport zu deem éischte Pilier, deen d'Amerikaner sinn, wat allerdéngs zur Zäit vum Warschauer Pakt keng Roll gespillt huet.

Et huet awer virun allem domat ze dinn, datt d'Amerikaner nëmmen eng Arméi hunn an och eng Airforce, mat all deem wat dat bedeit. Déi Europäesch Unioun, déi wuel nëmme 60% vun de Mëttele vun den Amerikaner fir d'Verteidegung ausgëtt, huet allerdéngs nëmmen e Rendement, dee ganz genau bei 10% vun deem vun den Amerikaner läit. Dat ass normal, well eis Arméien hei 25-mol national organiséiert an opgebaut sinn, an doduerch och ganz oft d'Ukeef vu militäreschem Material net openeen ofgestëmmt sinn.

Dofir mengen ech kënnt dach awer hei op déi Haaptlänner aus der Europäescher Unioun eng grouss Missioun zou, nämlech déi, iwwerhaapt zesummen ze schaffen. Virun allem awer sinn an dësem Kontext d'Englänner an d'Fransouse gefuerdert. Datt dat och net esou einfach ass, hunn déi rezent ënnerschiddlech Reaktioune vun deene Länner am Kader vum Irakkrich bewisen, obschonn et och positiv Signaler dësen Ament an deem Sënn gëtt, nämlech datt d'Europäesch Unioun elo zum Beispill gemeinsam Transportfligeren am Kader vun dem „capacity building" uschaaft. Dat ass de richtege Wee, an ech mengen datt dat op laang Siicht méi bëlleg gëtt wéi datt et méi deier gëtt.

Eng Viraussetzung ass allerdéngs déi, datt et zu enger Restrukturéierung vun deene verschiddenen nationale Verteidegungssystemer kënnt. Dës kann awer eréischt an d'Wee geleet ginn, wann d'Europäesch Unioun eemol handlungsfäeg gëtt, fir och Décisiounen op dësem Niveau mat qualifizéierter Majoritéit ze huelen, am Kader vun enger gemeinsamer Politik nom Prinzip vun der duebeler Majoritéit.

Ech mengen net, datt d'Zil vun enger gemeinsamer europäescher Verteidegung als Sécherheetspolitik soll sinn, eng zweet militäresch Kraaft ze schafen, mä ganz einfach ee gläichberechtegte Partner um Niveau vun der NATO ze sinn. Dat mengen ech ass den Enjeu fir Europa. Dat wäert awer laang Zäit a vill Verständnis säitens de Länner alleguerte brauchen.

Gläichzäiteg muss awer och d'NATO sech Gedanke maachen, wéi si mat esou ville Länner funktiounsfäeg wëllt bleiwen a wéi datt hir zukünfteg Strukture sollen ausgesinn, fir viru kënnen ze existéieren. Och dat wäert net einfach ginn, well an deem Fall Meenungsverschiddenheeten net nëmmen tëschent de Länner bestinn, mä déi Meenungsverschiddenheete gëtt et ganz kloer an den Delegatioune vun deenen eenzelne Memberlänner.

Dozou kënnt, datt den amerikanesche Senat bei der Ratifizéierung vun dëse Protokoller hire President opgefuerdert huet, him ee Bericht ze maachen iwwert de Konsensprinzip an och iwwert d'Suspendéierung vun engem Member innerhalb vun der NATO. Dës Diskussioune wäerte fir eis komplex ginn, an et wäert och net einfach ginn, heirobber eng gemeinsam Äntwert ze fannen.

Trotz allen Differenze mengen ech awer, datt mer mat den Amerikaner an de Kanadier haut nach ëmmer ganz vill Gemeinsamkeeten hunn, an esou laang wéi mir déi hunn, solle mer versichen, wann dat och net ëmmer um wirtschaftleche Plang méiglech ass, déi dach awer um militäresche Plang ze fannen. Haut nach ass dat wouer, muer ass dat vläicht anescht, mä da musse mer eis eben enger neier Situatioun stellen.

Dat ass souwisou Zukunftsmusik, déi zwar ganz aktuell ass, um Dag vun haut awer geet et ëm d'Ëmsetzung vun dëse siwe Bäitrëttsprotokollen, wou et virun allem drëms geet fir iwwert de Wee vun der NATO d'Europäesch Unioun ze stäerken, an an deem Sënn géif ech lech dann och invitéieren, deene siwe Gesetzesprojeten hei Är Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, e Merci fir d'Versteesdemech vum Här Halsdorf, dee mer et erlaabt huet fir hei als éischten an dëser Diskussioun d'Wuert ze huelen.

Haut befënnt d'Lëtzebuerger Chamber iwwert de Bäitrëtt vu siwe mëttel- an osteuropäesche Staten zur NATO. Niewent deenen dräi baltesche Republike sinn dat Bulgarien, Rumänien, d'Slowakei a Slowenien.

Déi politesch Entscheedung iwwert déi doten Erweiderung ass um leschten NATO-Sommet zu Prag den 21. November 2002 geholl ginn. Haut geet et also drëm dës Décisioun, wat Lëtzebuerg ugeet, juristesch verbindlech iwwert d'Zoustëmmung zu engem Protokoll zum Washingtoner Traité ze verankeren. Bis spéitstens Mee 2004 soll dee Bäitrëttsprozess ofgeschloss sinn.

Lëtzebuerg huet manifestement d'Ambitioun - dat beweisen déi kuerz Délaien zënter dem Dépôt vun de Projet-de-loië bis zur Ofstëmmung hei - fir an deem éischte Grupp vun deenen NATO-Membersta ten ze sinn, déi déi Ratifikatiounsprozedur ofschléissen.

Dat läit eigentlech an der Linn vun der Politik, déi dës Regierung an och déi viregt Regierung iwwert déi lescht Joren an där doter Fro vun der Erweiderung vun der NATO gemaach hunn. Fir eis Lëtzebuerger Regierung, egal wéi se zesummegesat war, war et ëmmer esou, dass d'Dier vun der NATO wäit sollt opgemaach gi fir nei Memberen, an déi soll och an Zukunft nach opgehale gi fir zukünfteg Memberen.

Dat ass eng Positioun, déi ouni gréissere Risiko ass, déi natierlech och op allgemeng Zoustëmmung bei den eenzelne Bäitrëttskandidatelänner gefouert huet. Am Endeffekt entsprécht dat doten - dat ass fir mech entscheedend - och dem Wonsch vun deene ville fréiere kommunistesch dominéierte Staten aus Mëttel- an Osteuropa, déi, net gezwongen, de fräie Wonsch geäussert hunn, esou schnell wéi méiglech Member vun deem NATO-Bündnis ze ginn. Fir si bedeit dat eng Garantie fir hir eege Sécherheet an och ënner anerem en definitive Broch mat der Vergaangenheet vun deene leschte Jorzéngten. Hire Bäitrëtt gëtt vu baussen als eminente Bäitrag ugesi fir méi Stabilitéit, Fridden a Sécherheet an Europa. De Prinzip vun där Erweiderung kann een also nëmme begréissen.

Mä dës NATO-Erweiderung mécht sech parallell zu engem aneren Erweiderungsprozess vun engem aneren europäesche Bündnis, an zwar vun der Europäescher Unioun. Europa, Nordamerika, Europazon befënnt sech also duerch deen duebelen Erweiderungsprozess an engem groussen Ëmbroch, an engem breede Reorganisatiounsprozess, wat déi politesch Zesummenaarbecht tëschent deenen eenzelne Staten ugeet, besonnesch wat och de Beräich vun der Sécherheet a vun der Verteidegung ubelaangt.

Europäesch Unioun: haut 15 Memberen, mar 25, iwwermar 27, dorops an enger nächster Etapp 32 oder 33.

NATO: bis viru kuerzem 16 Memberen, zënter '99 19 Memberen duerch de Bäitrëtt vu Polen, Tschechien an Ungarn; mat deenen neie Länner 26 Memberen, a wann een déi lescht Schlussfolgerung vum NATO-Sommet vu Prag richteg liest, vläicht iwwermar 29 Memberen, well op deem Sommet all Memberstaten och déi „open door policy" nach eng Kéier bekräftegt hunn.

Am Schlusscommuniqué geet Rieds vun dräi Staten, déi speziell Erwähnung fanne wat eng méiglech Kandidatur ugeet an déi Efforten, déi se gemaach hu fir d'Kritären ze erfëlle vun der Memberschaft, an zwar Albanien, déi fréier

jugoslawesch Republik vu Mazedonien a Kroatien. Den nächste Wagon vun den NATO-Membere steet also scho praktesch op der Gare an et ass nëmmen eng Fro vun der Zäit, dass also och déi doten dräi Länner, wann déi Entwécklung intern bei hinnen esou viru geet, zu der NATOsfamill wäerten zoustoussen.

Déi nei militäresch Kollaboratioun tëschent der EU an der NATO wäert sech deemnächst am reng europäesche Kader tëschent 28 Länner ofspillen. 23 Länner dovunner si Member vun der EU - et muss ee Malta an Zypern ausklammeren, well déi net an dem "partnership of peace"-Projet vun der NATO mat dra sinn, déi sinn also direkt net betraff vun deenen Accords de collaboration tëschent der EU an der NATO -, plus déi fënnef europäesch Länner, déi an der NATO Member sinn, mä net an der EU Member sinn, dat sinn d'Türkei, Norwegen, Island, Rumänien a Bulgarien.

Dësen europäeschen Integratiounsprozess sicht no enger eegener europäescher Identitéit a Sécherheets- a Verteidegungsfroen. Déi politesch Kris innerhalb der NATO an och innerhalb der Europäescher Unioun ronderëm den Irakkrich, d'Hégémoniebestriewunge vun der Bush-Administratioun, alles dat si rezent Entwécklungen, déi d'Zukunft vun der NATO beaflossen, an engem gewëssene Mooss och belaaschten.

Zënter 1999 um Sommet vu Washington huet zwar d'NATO en neit strategescht Konzept, mä vill Observateure ginn zou, dass eigentlech dat doktrinaalt Fundament fir dat strategescht Konzept feelt a froen, dass sech also och d'NATO eng nei Doktrin eigentlech gëtt. Et geet net duer, wéi dat ëmmer erëm an offizielle Communiquéë vun den NATO-Sommeten oder vun aneren NATO-Tagungen de Fall ass, dass ee schwätzt vun neie Memberen, neie Relatioune mat de Partner, neie Capacitéiten an neie Missiounen. Dat sinn zu engem groussen Deel Sloganen.

Et ass ganz kloer, dass an der NATO d'Noutwendegkeet besteet fir méi an d'Déift ze goen. Wéi soll wierklech déi NATO ausgesinn an Zukunft? Wéi soll se kënne fonctionnéieren? Wat sinn hir Missiounen, déi si, a si eleng an Zukunft ka maachen? Et huet een den Androck, dass zwar de Problem erkannt ass, mä dass bis elo eigentlech nach net grëffeg um Dësch läit, wou eigentlech de Wee soll wierklech an deenen nächste Joren an der NATO hiféieren.

Geet et den Europäer drëm den europäesche Pilier an der NATO ze festegen a weider ze entwéckelen, oder setzt d'EU voll op Eegestännegkeet? Gëtt aus der EU och eng vollwäerteg Verteidegungsallianz wéi d'NATO dat ass, oder ass dat eigentlech nëmmen en Niewenaspekt vun der Europäescher Unioun? Gesäit Europa hir Roll nach wie vor prioritär innerhalb vun der NATO an engem staarken europäesche Pilier?

Déi dote Froen, dat wësse mer, si Froen, déi och ëmstridde sinn ënnert den eenzelnen EU-Partner. Europa ass sech oneens am Fong iwwert déi grouss Optioune wéi et a Verteidegungs- a Sécherheetsfroe soll weidergoen: Méi niewent der NATO oder haaptsächlech innerhalb vun der NATO?

Et gëtt déi eng Länner, déi d'Prioritéit vun der Zesummenaarbecht am Verteidegungsberäich an dem Bekenntnis zur transatlantescher Allianz, zum Bündnis Europa-USA gesinn, déi dat wëlle privilegéieren, an et gëtt op där anerer Säit eng Rëtsch vu Länner, déi ganz kloer wëllen eng eegestänneg gemeinsam europäesch Sécherheets- a Verteidegungspolitik an de Vierdergrond stellen.

Op där enger Säit huet ee ganz kloer Däitschland, Frankräich, d'Belsch an eventuell och Lëtzebuerg. Op där anerer Säit fënnt een England, Spuenien, Portugal an awer och déi vill nei Memberstaten aus Ost- a Mëtteleuropa. D'Beispill Polen ass ganz eloquent an där doten Hisiicht, déi och hir Zukunft a Sécherheetsfroen éischter an der NATO weider gesinn, an enger enker Verbindung mat den USA, an déi eigentlech net richteg gleewen un eng eegestänneg europäesch Verteidegungs- a Sécherheetspolitik. Hei besteet Klärungsbedarf, och hei zu Lëtzebuerg, well ech mengen, dass déi politesch Haltung, déi dora besteet am Fong béides ëmmer erëm ze affirméieren: Mir brauchen dat eent an dat anert, dass dat awer eng relativ Vereinfachung vun der Situatioun ass.

Ech sinn der fester Iwwerzeegung, dass mer an deenen nächste Joren net laanscht kloer politesch Choixen eis kënnen drécken, dass musse ganz einfach Prioritéite gesat ginn, net zulescht och aus budgetären Ursaachen. Mir kënnen net op béide Schinne voll weider fueren an deenen nächste Joren. Do kënnt eng Kéier d'Stonn vun der Wourecht, wou all Land muss soen, wat da seng Prioritéiten an där doter Fro sinn.

Ech sinn der Meenung, dass déi schlechtste vun alle Léisungen déi wär, dass een, well ee sech virun esou Choixen dréckt, géif am Endeffekt eng Verduebelung vun de Strukturen, eng Verduebelung vun de Mëttelen, eng Verduebelung vun de Capacitéiten an d'A faassen, fir nëmme jiddfereen zefridden ze stellen, well mer deen Hoff do net fäerdeg bréngen an deenen nächste Joren.

Wat positiv ass, an dat huet laang gebraucht bis et esouwäit komm ass, dat ass de sougenannte „Berlin Plus package", dass deen no dräi Joer laange Verhandlungen - et gesäit een also wéi schwiereg deen dote Prozess ass - endlech konnt ëmgesat ginn, dat heescht also am Kloertext, dass d'EU an Zukunft Zougank huet zu NATO-Infrastrukturen, och zu NATO-Capacitéiten. Dat ass elo um technesche militäresche Plang dann endlech geregelt.

No an no, dat gesäit een och ganz kloer, wäerten eenzel Missiounen, déi an der Vergaangenheet ausschliesslech vun der NATO duerchgefouert si ginn, zum Deel iwwerholl gi vun der Europäescher Unioun, dat ganz kloer mam Wëlle vun den USA, deenen dat à la rigueur an hir eege Konzepter erapasst, soss wier dat net esou liicht ze maachen. D'Beispill Mazedonien kann een hei ufëieren. Et gëtt geschwat, dass och SFOR an Zukunft kënnt net méi eng NATO-Missioun sinn, mä vun der Europäescher Unioun iwwerholl ginn. Mä och do soll ee sech näischt virmaachen, de Moment ass et esou, dass mat eegene Mëttel Europa déi ganz Panoplie vun de sougenannte Petersberg-Missiounen net erfëlle kann. Et feelt déi schwéier Infrastruktur besonnesch am Transportwiesen. Et feelt och eng zousätzlech Renseignementscapacitéit, déi d'amerikanesch Arméi ka liwweren, wou Europa näischt Gläichwäerteges deem géintiwwer ze setzen huet.

Et däerf ee sech awer och d'Aen net zoumaache virun deenen zousätzleche Schwieregkeeten an den Décisiounsprozeduren innerhalb vun der NATO, ob dat de militäreschen oder esouguer de politesche Beräich ass, dee sech duerch déi erweidert NATO ergëtt. Et ass jo net vun ongeféier firwat sech an der EU während Jore Gedanke gemaach gëtt iwwer institutionell Froen, déi mat der Erweiderung vun der Europäescher Unioun zesummenhänken. Net an deemselwechte Mooss gëtt sech eigentlech Gedanke gemaach iwwer Entscheedungsprozeduren an der NATO, déi ähnlech grouss wäert sinn an Zukunft, a wou sech also och ähnlech Problemer wäerte stellen.

Ech gestinn an, dass d'NATO nach wie vor, an dat ass sécherlech gutt esou, nom Konsensusprinzip fonctionnéiert. De Konsens muss een dann an Zukunft ënnert enger vill méi grousser Zuel vu Membere schnell kënnen hierstellen. Dat gëtt net einfach a sécherlech wëllt kee fir de Moment, oder déi wéinegst wëllen déi intergouvernemental Struktur a Philosophie, déi der NATO zu Grond läit, a Fro stellen. Dat ass eng aner Approche wéi mer se an der Europäescher Unioun kennen.

Ech sinn dervun iwwerzeegt, dass d'NATO als Ganzt an hirer Funktioun als Militärbündnis wahrscheinlech, wann ech mech kann esou ausdrécken, hir beschten Zäit hannert sech huet. D'90er Joren, well virdru war och d'NATO eigentlech operationell um Terrain net täteg, dat war d'Zäit vun de Friddensmissioune vun der NATO, déi d'NATO als Ganzt duerchgezunn huet, wou all Memberstat getruecht huet fir derbäi ze sinn, wou net nëmmen de Prinzip eestëmmeg décidéiert ginn ass, mä wou och duerno all Land mat engem Apport derbäi war, wann et ëm d'Ëmsetzung vun der Missioun gaangen ass. Dat war och eng Bestriewung déi d'Lëtzebuerger Regierung ëmmer hat an och haut nach huet wéinst eben dem Burdensharing, wéinst der Noutwendegkeet fir also net nëmme politesch mat ze diskutéieren, mä wann et ëm operationell Froe geet, no eise Méiglechkeeten och kënnen um Terrain ze participéieren, also eisen Deel vum Risiko mat ze droe bei deenen Operatiounen.

Ech gleewen awer, dass an Zukunft sech d'Fro fir déi méi grouss NATO anescht wäert stellen. Dat huet ganz kloer d'Irakkris beluecht. D'NATO ass an Zukunft keng Allianz méi fir eng kollektiv Aktioun, mä éischter e Réservoir vu Koalitioune fir eenzel militäresch Aktiounen duerchzeféieren.

Ech géif do deen an der Zwëschenzäit zweedäiteg bekannte Paul Wolfowitz zitéieren, dee gesot huet, zwar aus reng amerikanescher Vue, mä hie sprécht dat aus, wat déi aner sécherlech denken: Fir Amerika ass et d'Missioun, déi d'Koalitioun bestëmmt, an net ëmgekéiert.

Amerika zitt et vir, an dat huet déi rezent Vergaangenheet gewisen, eleng ze handelen, respektiv zesumme mat Partner, déi se sech eraussichen an déi Wëlles si fir dat ze maachen, anstatt op de groussen NATO-Apparat an d'Prozedure vun der NATO mussen zréckzegräifen.

Deen dote Wonsch, fir op d'NATO zréckzegräifen, dee mécht sech eréischt an enger zweeter Phas breet, an enger Nokrichsphas wéi den Dossier vum Irak och erëm eng Kéier ënnersträicht, wéi elo vun Amerika lues mä sécher och Drock gemaach gëtt fir dass eigentlech d'NATO-Staten a besonnesch déi, déi géint de Prinzip waren, sollen hir Verantwortung an der Nokrichsphas iwwerhuelen, well Amerika sech wëllt no an no aus deenen operationellen Deeler erauszéien.

Et ass also a mengen Aen esou, dass d'NATO manner als Militärbündnis wäert an Zukunft funktionéieren, mä éischter als eng politesch Organisatioun, e Forum fir den transatlanteschen Dialog, dee wichteg ass - och dat huet déi rezent Vergaangenheet bewisen; en dierf net ofbriechen -, e Forum och fir d'Diskussioun an d'Konsultatioun vun de Partner hei an Europa, déi net Member vun der NATO sinn. Ech denken u Russland an un d'Ukraine, wou och eegen Institutioune bestinn, Conseile bestinn, wou déi doten Debatt méiglech ass.

D'Weiderbestoe vun der NATO, d'Weiderberechtegung och vun enger méi politescher NATO, hänkt an eisen Ae ganz vill dovunner of, ob och an Zukunft - dat war sécherlech a leschter Zäit net ëmmer de Fall - all d'Memberstaten dëst Bündnis wierklech als eng Allianz vu gläichberechtegte Partner ugesinn. Eng Allianz vu gläichberechtege Partner, dat ass d'NATO nom Traité vu Washington, an dat muss d'NATO bleiwen, respektiv erëm ginn, soss mengen ech, dass esouguer d'Zukunft als politesch Struktur ganz staark a Fro gestallt ass.

Déi unilateristesch Ausrichtung vun der Politik vun den USA, d'strategesch Optioun, déi d'Amerikaner och geholl hu vun engem Preventiounskrich, deen eigentlech net konform ass zu der Charta vun der NATO, all dat hypothekéiert d'Zukunft vun där Organisatioun, déi net eng reng Vollzuchsinstanz vun de Wënsch vun engem Memberstat däerf ginn, och wann et selbstverständlech e ganz wichtegen an esouguer de wichtegste vun der NATO ass.

Am Endeffekt schwätze gutt Grënn dofir, dass och eist Land am Kader vun der Europäescher Unioun op eng eegen europäesch Identitéit a Sécherheets- a Verteidegungsfroe setzt. Ech dierf hei d'Fro opwerfen, ob et awer an deem Zesummenhank onbedéngt klug war, dass Lëtzebuerg sech ugegliddert huet un déi Initiativ vun der Belsch, Frankräich an Däitschland, fir e sougenannte „Knipperches-Sommet" Enn Abrëll vun dësem Joer mat ze maachen. Ech muss soen, ech hu perséinlech als Parlamentarier relativ spëtteg Bemierkunge vun aneren europäesche Parlamentarier dozou gemaach kritt, déi Verständnis hu fir d'Virgoe vu Frankräich an Däitschland, déi militäresch och e gewëssene Poids duerstellen, mä déi wéineg Verständnis hu fir d'Virgoe vun der Belsch a praktesch guer kee Versteessdemech fir Lëtzebuerg. Bis elo war et esou an deene leschte Joren, dass sech eist Land, well et nu wierklech déi klengste militäresch Muecht innerhalb vun der NATO an och innerhalb vun der EU duerstellt, a reng militäresche Froen, well et sinn déi, déi diskutéiert gi sinn op deem „Knipperches-Sommet", zréckgehalen huet an do eng grouss Bescheidenheet un den Dag geluecht huet, an ech mengen, dass dat och eng Haltung ass, op déi d'Lëtzebuerger Regierung vläicht soll zréckfannen an deenen dote Froen: Bescheide bleiwe wat militäresch Aspekter ubelaangt, well d'Glafwierdegkeet vu Lëtzebuerg an deenen dote Froe sech dach a ganz enke Grenzen hält.

Et muss een och soen, dass vun deem zimlech mediatiséierten Treffe vun de Stats- a Regierungschefe vun deene véier Länner relativ wéineg iwwreg bliwwen ass. Ech hunn och dozou eng Rei vu Kommentare gelies, déi mat enger Distanz gemaach gi sinn, an déi dofir sinn, dass eigentlech vun neien Iddië keng richteg op d'Tapéit komm ass, mat enger Ausnahm, an dat ass eng relativ gefëierlech, well déi an de Beräich geet vun der Verduebelung vun de Moyenen a vun de Strukturen. Dat ass déi Iddi, déi awer och um leschte Sommet vun der EU net iwwerholl ginn ass, fir dohinner ze goen an eng militäresch Planungsstell fir d'EU an d'Liewen ze ruffen, wou bis elo eigentlech ëmmer op d'Planungsstelle vun der NATO zréckgegraff gëtt, och wann d'EU eng Operatioun um Terrain duerchféiert.

Dat ass also ganz kloer eng Verduebelung vun de Strukturen, Verduebelung vun de Mëttelen, och de Finanzmëttelen, an do stelle sech dach awer eng Rei vu prinzipielle Froen, wou een also sollt ganz virsichteg un déi doten Iddi erugoen.

An ech wëll och drop hiweisen, dass wann elo gefrot ginn ass vun eenzelne Länner, och vu Lëtzebuerg, fir eng renforcéiert Kooperatioun am Militärberäich ze maachen, dass et déi eigentlech scho gëtt zënter laange Joren. Et gëtt se am Beräich vum Armement duerch eenzel Organisatioune wéi zum Beispill den OCCAR. Et gëtt se awer och op operationellem Plang duerch den Eurocorps, mä wat ee kritesch muss feststellen, dass bis elo eigentlech net ëmmer de politesche Wëllen do war vun deene Länner, déi déi renforcéiert Kooperatioun um Pabeier begréissen, fir an der Praxis déi Instrumenter, déi elo scho bestinn, och geziilt anzesetzen. Dat war an de wéinegste Fäll bis elo de Fall.

Also et bréngt näischt menger Asiicht no nei Iddien andauernd ze produzéieren, déi den Androck gi wéi wann elo eppes géif revolutionéiert ginn, mä et soll een emol dat benotzen, wat et scho gëtt, an et soll een dat richteg a verstäerkt asetzen, an och do de politesche Wëlle weisen, dass ee wëllt net nëmmen nei Iddien ukënnegen, mä och wierklech um Terrain eppes beweegen, besonnesch och wat déi konkret Affirmatioun vun enger europäescher Identitéit am Verteidegungsamt vu Sécherheetsfroen ugeet.

Ech kommen zur Konklusioun, Här President. Déi erweidert NATO wäert en neit Ëmfeld, en neit Verteidegungs- a politescht Ëmfeld an Europa an an der Europa-Amerika-Zon mat sech bréngen, eng Ëmwälzung, déi och net wäert viru Lëtzebuerg Halt maachen. An dofir zum Schluss vu menger Interventioun e puer prezis Froen un d'Regierung, wéi si d'Situatioun aschätzt, wat de Son vun eenzelnen Institutiounen ugeet, déi hei hire Sëtz zu Lëtzebuerg zënter Joren hunn, an déi elo awer riskéieren an engem neien europäesche Sécherheetsëmfeld, och vläicht duerch eng nei Politik, déi d'USA mécht, eventuell affektéiert ze ginn duerch eng frësch Distributioun vun de Kaarten innerhalb vun Europa.

Ech wëll dofir froen: Wéi gesäit d'Regierung d'Zukunft vun der Namsa? D'Namsa ass déi eenzeg NATO-Agentur, déi hire Sëtz zu Lëtzebuerg huet. Dat ass eng Armementsagence vun der Organisatioun, déi bis elo eigentlech hir Haaptppträg kritt huet duerch de „partnership-for-peace"-Programm, duerch déi nei Memberstaten, déi an der Warteschläif hunge fir Member ze ginn, a wou se konnten eng Déngschtleeschtung deene potentielle Kandidaten ofréieren. Wéi gesäit et aus wann elo déi Warteschläif méi kleng gëtt, wa just nach dräi Stéck fir de Moment virun der Dier stinn? Wéi gesäit et da mat der Namsa aus, wat sinn d'Iwwerleeungen innerhalb vun der NATO? Ass et méiglech, well sech och geographesch den Zentrum verréckelt an der NATO, dass dat Reperkussiounen op déi Agence hei zu Lëtzebuerg huet? Wat sinn also do d'Zukunftsperspektive vun der Namsa an deenen nächste Joren? Wéi gesäit d'Entwécklung vun hire Missiounen aus? Wéi gesäit och d'Entwécklung vun den Effektiven aus bei der Namsa?

Eng ähnlech Fro stellt sech a mengen Aen och wat d'US-Militärlager hei zu Lëtzebuerg ugeet: Beetebuerg a Suessem. Mir wëssen, dass si och an der Vergaangenheet sporadesch ëmmer erëm menacéiert waren duerch politesch Entscheedungen, déi an Amerika geholl ginn. Wéi ass do d'Situatioun? Wéi gesäit do d'Propos fir den nächste Budget vun deene Militärlageren aus? Wéi ass do d'Verhandlungsbasis vun der Lëtzebuerger Regierung? Mir wëssen, dass virum Irakkrich et Aussoe gi si vu verschiddene Vertrieder vun der US-Administratioun, dass ee misst doriwwer nodenken, fir praktesch e Redéploiement vun deene Lageren innerhalb vun där neier Zon ze maachen. Wéi gesäit et konkret do aus?

Et gesäit een also, dass niewent deene prinzipielle Froen, déi sech stellen, och konkret fir eist Land

hannert där doten Erweiderung sech praktesch Froe stellen, an ech wär frou, wann ech do kënnt kloer Äntwerte vun der Regierung haut kréien.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen am Numm vu menger Fraktioun dem Rapporteur, dem Kolleeg Emile Calmes, merci fir säin ausféierleche schréftlechen a säin atmosphäresch uspriechende mëndleche Rapport. Hien huet effektiv den Detail vum Prozess vun der Adhésioun vun deene siwe Staten duergeluecht, déi Staten, déi Member vun der NATO ginn, an dat gi se, wann de Ratifikatiounsprozess ofgeschloss ass. Ech kommen dofir a menger Interventioun och net méi op dës Elementer zréck. Ech wëll mech vill méi mat der Bedeitung an de Konsequenze vun dëser NATO Erweiderung befaassen. Dëst ass déi zweet zënter dem Enn vum kale Krich, an ech wëll och nach e puer Iwwerleeungen zur NATO selwer maachen, nom Enn vun der Ost-West-Konfrontatioun, déi mer jo haten.

Dacks ass schonn am Zesummenhank mat der NATO-Erweiderung d'Adjektiv historesch beméit ginn. Während an anere Kontexter dëse Vokabel ganz oft abusiv benotzt gëtt, fënnt en awer, mengen ech, grad hei seng voll Bedeitung. Dës NATO-Erweiderung ass historesch. Si stellt souzesoen den definitiven Ofschloss vun enger Ära duer, an e laut eng aner Ära an.

Wéi 1999 Polen, Tschechien an Ungarn der Allianz bäigetruede sinn, du war et eréischt den Ufank vun engem Prozess, deen der NATO hir Natur dauerhaft wäert verännere, well hiert geographescht Anzugsgebitt méi grouss gëtt, hir Aufgaben ännere, d'Erausfuerderungen, deene si sech stelle muss, gi vill méi komplex a méi komplizéiert.

D'NATO, dat soll een aféierend widderhuelen, ass jo d'Konsekratioun vun der transatlantescher Partnerschaft vun de fräiheetlechen Demokratien nom Zweete Weltkrich. Si ass entstanen an der Logik vum sech ofzeechnende kale Krich tëschent den atlantesche Partner an dem fréiere Sowjetimperium an hire sëlleche Satelliten. Déi fräiheetlech an demokratesch verfaasste Gesellschaften - et ass de sougenannte Westen - hu sech also zu enger militärescher Allianz zesummegeschloss, fir hir Verdeedegung géint en eventuellen Ugréff aus dem Osten ze schützen. A bis 1989 war dëst déi wesentlech Missioun vun der NATO.

Während där ganzer Zäit war et allerdéngs esou - an dat ass haut och nach net anescht -, datt déi Vereenegt Staten dee bäi wäitem iwwerweienden Afloss an der NATO haten, an dat opgrond vun hirer militäresch dominanter Capacitéit, an domat an an deem Moment hate mer am Fong geholl ni e richtegt Gläichgewiicht tëschent eiser Säit an där atlantescher Säit. Dëst Gläichgewiicht ass haut, am Kontext vun enger Erweiderung vum europäeschen NATO-Territoire, nees eent vun deenen Themen, déi d'Allianz mussen interesséieren.

Mam Enn vum kale Krich, also spéitstens nom Verschwanne vun der Sowjetunioun vun der Landkaart, dat war um Enn vum Joer 1991, war der NATO hiert urspréinglecht Feindbild abhande komm. E Feindbild, oder Enemy, wéi mer esou schéin op Lëtzebuergesch soen, war also net méi do, oder vill méi, et gouf lues a lues an den 90er Joren en anert. Ech wäert herno nach dorop zréckkommen. Den ale Géigner awer, de kommunistesche Block, huet net méi existéiert.

Et huet e puer Joer gedauert, bis d'NATO och strukturell Konsequenzen aus dësen neie Rahmebedingunge gezunn huet. 1994 dunn um Sommet zu Bréissel ass eng éischt Interventioun gemaach ginn u potenziell nei Memberen. Déi uviséiert Bäitrëtter vu Polen, wéi scho virdru gesot ginn, Ungarn an Tschechien, hu sech awer an enger ganz anerer politescher a militärescher Perspektiv situéiert. D'Aufgabestellung war ganz anescht wéi beim initialen Zesummeschloss 1949 vis-à-vis vu staatlech organiséierten, ideologeschen, politeschen a militäresche Géigner.

Zënter dem Ufank vun den 90er Jore vollzitt d'NATO e Wandel vun enger renger Verdeedegungs- a Richtung vun enger Sécherheetsallianz. Natierlech huet de Begréff vun der Sécherheet ëmmer eng Roll gespillt an där ganzer Geschicht vun der NATO, mä eréischt nom Wechfall vum kommunistesche Block ass se eréischt predominant ginn. An och am Kontext vun der Erweiderung vun der Allianz, déi mer haut jo uschwätzen, bleift de Begréff Sécherheet eng Conditio sine qua non, géif ech soen.

Zënter 1999 erweidert sech d'NATO a Richtung Osten, dat muss een och feststellen. An all hir Memberen, déi vun '99 an déi zukünfteg siwe louche fréier an engem kommunisteschen Anzugsgebitt. Vläicht mat enger klenger Nuance fir Slowenien, well Slowenien huet jo fréier zu Jugoslawien gehéiert, wat am Fong geholl net zu engem Block gehéiert huet. Verschiddener vun dëse Staten existéieren och eréischt zënter dem Enn vum kale Krich. Tschechien an d'Slowakei gëtt et zënter der fridllecher Opléisung vun der Tschechoslowakei am Joer 1993, a Slowenien existéiert zënter 1991 als souveräne Stat, grad esou wéi déi baltesch Staten Estland, Lettland a Litauen, déi sech nach, dat muss een ervirsträichen, mat Blutt an Doudege vun der Sowjetunioun hu missen erausléisen. An duerno ass dunn dës marod Unioun wierklech definitiv kollabéiert.

Feststelle muss een, dass vun deenen zéng neie Memberen, déi d'Allianz also zënter dem Enn vun den ideologesche Bléck opgeholl huet, et der 1989 nëmme véier Stéck gouf, an zwar Polen, Ungarn, Rumänien a Bulgarien. All déi aner Länner sinn a sech nei Länner.

D'Bedeitung speziell vun dëser zweeter Erweiderung, iwwert déi mer haut diskutéieren, ass wierklech gewalteg. Déi éischt, déi war sécherlech signifiant, géif ech soen, well dat Ganzt ware jo kommunistesch Staten, déi der fräier westlecher Allianz bäigetruede sinn; dat war schonn eng gewëssen Evolutioun. Mä dat zweet ass ëmsou méi bedeitend, well sech d'NATO elo wierklech bis op den Territoire vum fréieren Haaptgéigner, an zwar der Sowjetunioun, praktesch ausdehnt bis dee beréiert. Estland, Lettland a Litauen ware Sowjetrepublike bis 1991. Mat hirem Bäitrëtt geet d'Allianz praktesch erop bis op St Petersburg.

Déi Leaderen, an dat muss ee sech emol virstellen, déi bei deenen dräi baltesche Republiken den NATO-Bäitrëtt verhandelt hunn an hir Ënnerschréften op dës Bäitrëttsprotokolle gesat hunn, sinn am Fong als Sowjetbierger op d'Welt komm a kruten an hirer Schoulzäit nach d'NATO, déi sougenannte westlech Welt iwwerhaapt, als hiren Doudfeind beschriwwen. Datt elo gutt 7 Millioune Leit, Bierger also vun dësen dräi baltesche Staten, fréier Besëtzer vun engem sowjetesche Pass, sech mat Begeeschterung ënnert de Sécherheetsschierm vun der atlantescher Allianz beginn, dat ass wierklech am eigentleche Sënn vum Wuert eng historesch Entwécklung. D'Linne vun der europäescher Deelung, wéi se 1945 zu Yalta festgeluecht goufen, gi mam balteschen NATO-Bäitrëtt definitiv verwëscht; si existéieren net méi a si kommen och net méi erëm.

All déi Staten awer, déi elo bäitrieden, maachen dat aus der authentescher Iwwerzeegung eraus, datt se wëllen Deel gi vun der atlantescher Wäertegemeinschaft. Si gleewen drun, an dat zu Recht, datt d'NATO méi ass wéi e renge militäreschen Zweckverband, datt dës Allianz och e Bündnis vu Gläichgesënnten ass, am Fong geholl eng Welt, eng Gesellschaft, wou d'Mënscherechter d'selwecht sinn an déi zesummen hir Opfaassung vu staatlecher Organisatioun a gesellschaftlecher Fräiheet verteidegen.

Ech hunn et scho gesot, d'NATO gëtt méi a méi zu enger Sécherheetsallianz, an zwar net méi géint ee staatleche militäresche Géigner gëtt sech haut verteidegt, mä éischter géint diffus, awer trotzdeem gutt organiséiert an déterminéiert Géigner, virun allem natierlech den internationalen Terrorismus, ob e reliéis motivéiert ass oder och net. Natierlech spillen a verschiddene Staten, déi der NATO bäitriede wäerten, nach méi perséinlech Motiver eng Roll fir dësen Entschloss ze maachen. Am Baltikum virun allem zum Beispill bleift dat Bedürfnis, fir sech definitiv vu Russland lasszeléisen an dat dann och strukturell ze ënnermaueren. Dës Länner goufen - deemools jo onofhängeg demokratesch Republiken - am Joer 1940 vun der Sowjetunioun annexéiert. Dës Annexioun gouf zwar ni völkerrechtlech unerkannt, mä déi faktesch Besetzung vun hirem Territoire war no 1940 grad esou wéineg ze leegne wéi déi hefteg russesch Bestriewungen, fir déi baltesch Identitéit ze iwwerlageren. A Lettland zum Beispill si méi wéi 40% vun der Populatioun eigentlech Russen an an der lettescher Haaptstad Riga sinn d'Net-Letten an der Majoritéit, an dat sinn natierlech nees Russen. Si waren 1940 nach net do, well si goufe jo am Fong geholl vu Moskau ausgesiedelt. Datt ënner esou Ëmstänn natierlech d'Letten, awer sécherlech och d'Esten an d'Littauer, e grousse Besoin hu fir sech op all Manéieren an definitiv vu Russland ze distanzéieren, also lasszeléisen, dat ass mengen ech novollzéibar.

Vun esou Spezifizitéiten ofgesinn, deelen all Kandidaten de Wëlle fir Deel vun der atlantescher Wäertegemeinschaft ze ginn an un der Identitéit vun der NATO ze participéieren. Si rëselen domat, an dat ass eng gutt Saach, hir Vergaangenheet of. Eng Vergaangenheet, déi si am Fong geholl zum gréissten Deel net selwer bestëmmt hunn. Elo triede si awer aus eegenem Wëllen an aus fräie Stécker der NATO bäi, enger NATO, där hir Roll an Aufgaben zwar net direkt duerch dës Erweiderung, awer och mat dëser Erweiderung anerer ginn.

Här President, et ass nom Enn vum kale Krich vum Enn vun der Geschicht geschwat ginn. Dësen a sech topesche Begréff ass zwar no relativ kuerzer Zäit erëm aus der Diskussioun ëm déi nei Weltuerdnung verschwonnen, mä d'Fro no weiderem Sënn an Zweck vun der NATO ass bliwwen. Dofir wëll ech mech och kuerz am Fong geholl op dës Fro focaliséieren.

D'NATO, wéi mer se kannt hunn, brauche mer net méi, an et gëtt se och schonn net méi. Déi Allianz géint de fréiere Warschauer Pakt, déi tëschent 1949 an 1989 fonctionnéiert huet, ass net méi néideg, well et ass kee Géigner méi do. Konkret bedeit dat, datt d'NATO haut keng militäresch Allianz géint iergendeng géigneresch staatlech gedroe militäresch Allianz méi ass. An den NATO-Memberstate si keng Rakéite méi op russesch Stied geriicht an an der fréierer Sowjetunioun kucke keng Rakéitekäpp méi, wat soll ech soen, op Paräis, op London, op New York oder op Lëtzebuerg.

Mä et ass jo awer net esou, wéi wann alles friddlech a frëndlech wär an där neier Welt. Wie gemengt hat, no 1989 géife mer an den Zäitalter vum ëmfaassende globale Fridden a weltwäiter Kooperatioun antrieden, deen hat sech geiert. Et ginn an dësem Joer net manner Kricher gefouert wéi zum Beispill am Joer 1980, wou den Héichpunkt war vun der Blockkonfrontatioun. D'Bedrohung vun eiser Gesellschaftsuerdnung, jo vun de Fundamenter vun eiser Gesellschaft an eiser Staatlechkeet an duerch den internationalen Terrorismus, ass wierklech eng Realitéit. Kriminell Gruppéierungen, déi an de Besëtz vu Massevernichtungswaffe kënne kommen, sinn och keng Veräiner vu Massendénger, deenen ee geloossen a berouegt ka begéinen. Doriwwer eraus stellt reliéise Fanatismus, virun allem deen islameschen, ee wichtegen Onsécherheetsfacteur an der Welt duer, deem ee sech muss bewosst sinn an deen ee muss am A behalen. All dës Elementer fléissen zu engem Bild vu globalem Risiko a Geforemomenter zesummen, déi sech awer virun allem un Europa an un Nordamerika dresséieren, och wann elo scho primär Effekter fir d'éischt an anere Géigende vun der Welt un den Dag trieden.

An dësem Kontext eben ass och déi erweidert atlantesch Allianz ze betruechten. Natierlech huet se keng deklaréiert staatlech Géigner méi, mä hir Membere sinn haut am Effort gëeent, fir d'Grondfeste vun hire Gesellschaften a staatlecher Uerdnung ze verdeedegen. An duerfir brauche mer d'NATO, duerfir brauche mer d'Partnerschaft mat de Vereenegte Staten an duerfir brauche mer den europäeschen NATO-Pilier, deen op eisem Kontinent selwer handlungsfäeg gëtt.

No den Attentater vum 11. September 2001 ass fir d'éischt an der Geschicht den Artikel 5 vum NATO-Vertrag aktivéiert ginn. Dat war bal zéng Joer nom Enn vun der Sowjetunioun, an engem Kontext am Fong geholl, dee kee Feindesstat implizéiert huet. 40 Joer laang ass dësen Artikel, dee sougenannte Bäistandsfall, no enger Attack op e Memberstat definéiert, am Fong geholl ni benotzt ginn.

Während deem ganze kale Krich huet ni e Bäistandsfall brauchen deklaréiert ze ginn. No den terroristeschen Attacken op déi Vereenegt Staten ass en deklaréiert ginn, well d'Membere sech eens waren, dass dës Ugréffer op d'USA däitlech ausgesot hunn, dass mer all betraff si vun der terroristescher Menace, dass se eis all kann treffen, an dass mer en face vun där Bedrohung all am selwechte Boot sëtzen. D'NATO huet deemools fonnt, hei wären déi Wäerter an déi fundamental Uerdnung a Fro gestallt, déi déi amerikanesch an déi europäesch Demokratie begrënnen, an dat géif de Recours op den Artikel 5 rechtfertegen. D'NATO huet sech am Hierscht 2001 als véritabel Wäertegemeinschaft ausgewisen, an zwar als déi, déi engem vun hire Memberen zur Säit steet, wann dee vu bausse bedroht gëtt.

D'Aktivéierung vum Artikel 5 vum Atlantesche Vertrag am Joer 2001 huet däitlech ënnerstrach, wéi néideg a wéi wichteg d'NATO als sécherheetspolitesch Wäertegemeinschaft och nom kale Krich nach ass. Et gi vill Individuen, Organisatiounen, Gruppéierungen an Zesummeschléss op dëser Welt, déi mat der westlecher, staatlecher a gesellschaftlecher Uerdnung strictement näischt kënnen ufänken, an déi hir Zerrüttung an Zerstéierung uviséieren.

Fir d'Verdeedegung vun deem, wat mir sinn, an deem, wat eis Gesellschaft ausmécht, brauche mer haut, vläicht méi wéi jee eng effikass, eng handlungsfäeg, eng grouss NATO, bannent där mer eis Efforte fir eis staatlech Sécherheet kënne bündelen.

En europäesche Pilier vun der NATO ass heibäi eng absolut Noutwendegkeet. Déi, déi mengen, eis Verteidegung géint äusser Feinde wär bei den Amerikaner besser opgehuewen, déi iere sech. Dat wëllen d'Amerikaner nämlech net, a fir eis ass et op d'Dauer net ze rechtfertegen, dass mer si d'Investitiounen an d'Aarbecht maache loossen, a mir leeën eis zréck a loossen eis schützen.

D'NATO brauch en amerikaneschen an en europäesche Pilier, déi enk zesumme schaffen an déi strukturell matenee verzahnt sinn. Op der europäescher Säit heescht dat, dass mir déi gemeinsam Sécherheets- a Verteidegungspolitik dringend brauchen, dass mir hir musse Kierper a Gesiicht ginn, a se da bannent der atlantescher Allianz als Kontributioun zu eiser gemeinsamer Entreprise mat den amerikanesche Memberstaten abréngen.

Mir mussen Europa, deenen europäeschen NATO-Memberstaten, déi iwwer kuerz oder laang souwisou alleguerte wäerte Member vun der Europäescher Unioun ginn, eng gemeinsam verteidegungspolitesch Démarche verschreiwen a Kooperatioun mat eisem amerikanesche Partner, awer mat eegene Mëttelen, eegene Konzepter, an eegenen Initiativen. Ouni dësen europäeschen NATO-Pilier verléiert de Begréff vun der atlantescher Partnerschaft seng Bedeitung, a genee déi partnerschaftlech Dimensioun ass an enger Zäit, wou mer gemeinsam Wäerter, Fräiheeten an Institutioune verteidegen, besonnesch wichteg.

Den Irakkrich ass ouni d'NATO auskomm. Ech wëll och hei net nach eng Kéier op d'Méritë vun den Argumenter vun de Krichsbefürworter, senge Géigner oder och de Friddensdemonstranten agoen; dat ass, mengen ech, net hei ubruecht. Tatsaach ass awer, an dat muss een hei soen, dass dat, wat haut am Irak geschitt, net noutwendegerweis geschitt wär, wann d'NATO-Membere sech iwwer eng Démarche eens gi wären. Do hätt den europäesche Pilier, wann et en da ginn hätt, zesumme mat deem amerikanesche Pilier sollen eng gemeinsam Perspektiv entwéckelen an un där hirer Realisatioun schaffen.

Dass déi Vereenegt Staten eleng mat der irakescher Arméi eens géinge ginn, an dat si se och zimlech séier, doru konnt kee verstännege Mënsch zweifelen, dat huet also net iwwerrascht, an et hätt dofir och d'Briten an déi puer Honnert Australier a Polen net gebraucht. Dass awer haut am Fong e Guerilla-Krich, an dat ass wichteg, amgaangen ass, dass elo bal all Dag amerikanesch Zaldoten ugegraff an ëmbruecht ginn, dat ass op eng feelend Nokrichsplanung zréck ze féieren. Och fir esou Saachen ass d'NATO awer do. Hätt et eng atlantesch Démarche am Irak ginn, wäre mer och vläicht laanscht d'Kris an den türkesch-amerikanesche Relatioune komm, an op eisem Kontinent hätte mer och sécherlech manner déif Rëss ze kitten, tëschent eis selwer, an tëschent eis selwer an den Amerikaner.

All dëst seet a weist eis, dass mer Strukture wéi d'NATO brauchen, an dass mer alleguer méi effikass a méi zilsécher sinn, wa mer se notzen. D'NATO huet sech net iwwerlieft, am Géigendeel. An déi erweidert NATO, eng Allianz, an där all Mënsch sech wuel fillt, an déi aus engem amerikaneschen an engem europäesche Pilier besteet, ass en Instrument, dat mer am Joer 2003 an duerno alleguer brauchen, fir eis wierksam géint Bedrohunge vu baussen ze schützen, a fir eis gemeinsam Sécherheet ze garantéieren.

Här President, d'Aufgabe vun der NATO ännere sech, mä d'Aufgabegebitt gëtt net méi kleng. Well dat esou ass, mussen och militäresch Efforte gemaach ginn an alle Mem-

berstate fir d'Allianz fit ze maache fir d'Erausfuerderungen, deene se an dëser Zäit géigeniwwer steet. Vun den neie Membere gëtt verlaangt, dass se 2% vun hirem PIB an d'Verdeedegung investéieren. Zu Lëtzebuerg sinn dat grad emol 0,7 bis 0,8%. Dat geet net duer. A ganz egal ob Deeler vun der Oppositioun dat appréciéieren oder net, militäresch Ausgabe sinn haut nach net iwwerflësseg, mä dringend néideg, well esou laang net all Mënsch op der Welt just nach de Fridde wëllt - a vun esou engem Zoustand si mer wierklech nach schrecklech wäit ewech - esou laang muss leider nach an Arméien an a Verteidegungsstrukturen investéiert ginn.

Och zu Lëtzebuerg musse mer an eis Arméi investéieren. All NATO-Partner huet säi Beitrag zur gemeinsamer Schlagkräftegkeet vun der Allianz ze liwweren, och deen zweetklengste Member. An, Dir Dammen an Dir Hären, dës Investissementer kaschten. Et ass awer fundamental ongerecht an illoyal, géif ech soen, vu State wéi Rumänien, Bulgarien oder Litauen e Beitrag vun 2% ze verlaangen, dee mir selwer net bereet sinn opzebréngen. Dat heescht net, dass mer muer mussen eis Arméi op 3.000 Leit vergréisseren. Esou eng Démarche wär sécherlech onrealistesch a géif och kengem Mënsch eppes bréngen. Wat mer bräichten, dat sinn eenzel Spezialunitéiten, déi gutt ausgebilt an ausgerüst sinn, an déi och Feldmissioune kënnen op Plazen iwwerhuelen, wou se aneren Unitéiten eng reell Hëllef sinn.

Wann ech elo „search and rescue" soen, da kléngt dat vläicht utopesch, et kann et esouguer sinn, mä et ass op d'mannst emol eng Optioun, déi een zesumme mat anere soll préifen. Zum Nulltarif ass dat alles net ze hunn. Dofir bräicht een zum Beispill en Helikopter. Fir aner Missioune bräicht ee vläicht aner Ausrüstungselementer. Et gëtt Beräicher, do brauch een Transportschëffer a Fligeren. Alles dat ass derwäert fir gepréift ze ginn. Alles dëst misst a sech e spierbare Bäitrag sinn, deen zum Succès vun der Allianz géif bäidroen, an et géif eis doudsécher eng zousätzlech Unerkennung vu bausse bréngen, déi um Terrain vun der Verteidegung net vu Muttwëll wär.

Här President, dës Debatt iwwert d'NATO-Erweiderung ass eng gutt Geleeënheet fir eng Reflexioun iwwer eis eege Roll an der Allianz an eis Relevanz innerhalb vun hir. Mir kënnen haut de Bäitrëtt vu siwen neie Membere stëmmen, eis doriwwer freeën, an dann zur Dagesuerdnung iwwergoen. Mir kënnen awer och dëse Bäitrëtt stëmmen an eis da selwer an d'Gebiet huelen doriwwer, wat mer vun den neie Membere verlaangen, wat mer selwer bis elo leeschten, a wéi mir eis eege Leeschtung an Adéquatioun mat där kënne bréngen, déi mer vun den osteuropäeschen neie Memberstaten erwaarden. Dat mussen net direkt 2% sinn, dat muss awer sécherlech e Batz méi si wéi dat, wat mer bis elo leeschten.

Ech weess, dass de Verdeedegungsminister Goerens do keen einfache Stand huet, mä verstäerkte Lëtzebuerger Presenz an der Allianz an an der europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik uviséiert, well esou eng Politik, déi Geld kascht, huet natierlech vill Détracteuren. Ech wëll awer hei soen, dass meng Fraktioun esou eng Démarche vollinhaltlech ënnerstëtzt. An ech géif och soen, eis Ausgabe fir Verdeedegung sinn net op deem Niveau, op deem se misste sinn, fir dass mer den neie Membere vun der NATO kënnte mat grousser Assurance an d'A kucken. Wann dat sech ännert, da fënnt dat sécherlech d'Zoustëmmung vun der CSV. D'Zoustëmmung vun der CSV fënnt och dës Serie vu siwe Gesetzesprojeten, déi mer haut hei an der Diskussioun hunn.

Här President, d'Verdeedegung geet eis all eppes un, well et geet leschten Enns ëm de Stat an deem mir liewen, an ëm déi Gesellschaftsuerdnung an där mir eis wuel fillen. Deenen hire Schutz verlaangt Efforten. Mir verlaangen esou Efforte vun deenen neie Partner an eiser Allianz. Loosse mer se selwer och liwweren, fir dass mer am Fong geholl weider a Fräiheet an a Sécherheet liewe kënnen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir dass ech fir d'éischt dem Rapporteur, dem Här Emile Calmes, merci soe fir säin excellente schréftlechen a mëndleche Rapport.

Viru fënnef Joer hu mer hei an der Chamber dräi Länner an d'NATO opgeholl, a mir hunn déi dräi Protokollen de 27. Mee 1998 an der Chamber ratifizéiert. Et woren dat Ungarn, Tschechien a Polen. Ech hunn d'Debatte vun deemools nogelies, an dat mannst wat ee ka soen, ass, dass villes vun deem, wat deemools hei gesot gouf, och haut nach richteg ass. Mir hunn hei am Parlament mat enger Géigestëmm an dräi Enthalungen déi Protokoller ratifizéiert, an domat eisen Accord ginn, dass déi dräi Länner an d'NATO opgeholl konnte ginn. Ech géif mer wënschen, dass no den Debatte vun haut sech och esou eng grouss Majoritéit géif erausschielen, wéi dat viru fënnef Joer de Fall war.

Wat haut direkt opfält, dat ass, dass vun deene siwe Länner, déi elo bäikommen, der erëm direkt fënnef sinn, déi och der Europäescher Unioun bäitrieden. Mat den dräi Länner vun 1998 sinn also vun den zéng neien NATO-Länner der aacht, déi der Europäescher Unioun bäitrieden. Dëst ass als absolut positiv ze bewäerten, well eng europäesch Friddensbeweegung ass net eleng en NATO-Problem. D'Osterweiterung vun der Europäescher Unioun dréit bestëmmt zur direkter europäescher Sécherheet bäi, awer och zur euro-atlantescher Sécherheet. Iwwerhaapt gëtt oft vergiess, dass et net d'NATO-Mitgliedslänner sinn, déi onbedéngt d'NATO vergréisseren.

Ugeklappt gouf vu baussen, Statsmänner aus Ungarn, den Arpad Göncz, aus Polen de Lech Walesa, aus Tschechien de Vaclav Havel, deen esouguer eng Kéier hei an der Chamber geschwat huet. Si woren et, déi un d'Dier geklappt hunn, fir an d'NATO eranzekommen, a si wousste gutt firwat. All dës Ostblockstaten aus dem fréiere Warschauer Pakt hate genuch ënnert dem sowjetesche Joch gelidden. Si all hunn eis ze verstoe ginn, hunn eis gesot, dass si déiselwecht Sécherheet a Fräiheet gären hätten, wéi mir se scho laang kennen. Wat mengt Der, wéi déif d'Angscht an deene Länner soutz an nach sëtzt, wéi zum Beispill an Ungarn, an der Tschechoslowakei, wou d'Panzeren aus der Sowjetunioun all Tentativen no Fräiheet onméiglech gemaach a brutal niddergewalzt hunn. Dat blouf déif sëtzen an ass och haut nach net vergiess.

De Westen awer hat Bedenken a wollt et net mat Russland verdierwen. Et wor an ass och verständlech, dass Russland säin Afloss an deene Länner, wou et Meeschter war, versicht huet ze behalen, virun allem och op ekonomeschem Plang. Dat ass och haut nach esou, obschonns villes besser ginn ass an ech kommen nach dorop zréck.

Zum Beispill déi dräi baltesch Länner, Estland, Lettland a Litauen. Muss ech drun erënneren, dass dës dräi NATO-Partner direkt um russeschen Haaptland leien an de russeschen Drock ass do guer net kleng? Dës Länner hunn direkt zur deemoleger Sowjetunioun gehéiert an nach haut liewen a schaffen do ronn 30% fréier Sowjetbierger, déi net aus de baltesche State sinn. An der Sowjetunioun war fréier op alle Fall Ëmsiedlung, wéi mir se och kannt hunn am Zweete Weltkrich, un der Dagesuerdnung. Mir brauche keng Zeechnung fir ze verstoen, datt wou dës Länner hir eege Sprooch zur Nationalsprooch dekretéiert hunn an hire Länner, wou virdrun nëmmen huet däerfe russesch geschwat ginn, dass dëse Kampf op diplomateschem Plang nach net ausgestanen ass.

Dat misst eis och als Lëtzebuerger un 1942 erënneren, wou mir den Nazië gesot hunn, mir wäre Lëtzebuerger an eis Nationalsprooch wier Lëtzebuergesch. Ech hu virdru gesot, dass villes besser ginn ass mat Russland. Jo, den Dialog tëschent der NATO, der Europäescher Unioun a Russland ass bedeitend besser ginn an a ville Gremië gëtt zesummen diskutéiert. Russland huet sech laang gewiert géint d'Osterweiderung vun der NATO, déi et ëmmer als eng Gefor fir seng Souveränitéit ugesinn huet.

Et ass eréischt ënnert dem Jelzin an duerno nach méi ënnert dem Putin, wou e bëssen Äis geschmolz ass. 1997 gouf e Conseil conjoint permanent OTAN-Russie agesat. Doraus ass de Conseil OTAN-Russie ervirgaangen, deen den 28. Mee 2002 um Sommet vu Roum aus der Daf gehuewe ginn ass.

Här President, d'Gefor vun engem Volte-face besteet nach ëmmer. Wie weess wat eng nei Führung a Russland kënnt fir Folgen hunn an dëst Onsécherheetsgefill ass am fréieren Ostblock vill méi ausgeprägt wéi hei bei eis, hoffentlech onberechtegt.

Déi nei Mitgliedslänner krute ronn 50 Joer no eis hir Fräiheet erëm an dofir brauche si eis Ënnerstëtzung. Mir mussen eis dofir kloer an däitlech fir hire Bäitrëtt an d'NATO ausspriechen.

Här President, aus Grënn, déi ech opgezielt hunn, ass et ze verstoe firwat déi nei siwe Bäitrëttslänner esou grouss Ustrengungen ënnerholl hunn, fir d'Viraussetzunge vun enger Mitgliedschaft ze schafen. Et ass net vun ongefeier, datt all dës Länner bereet si fir méi an hir Sécherheet ze investéieren, esouguer e vill ze héije Prozentsaz vun hirem PIB. Zevill Geld gouf an national Militärinfrastrukture gestach, wat och zu regionale Spannunge féiert a gefouert huet. Fir all europäesch Länner a besonnesch fir déi nei Mitgliedstaten ass manner bestëmmt méi. Manner Panzeren, manner Zaldoten, manner Kanounen, mä eng gemeinsam NATO-Force a -Strategie kascht manner wéi dat bis haut de Fall war.

An der Europäescher Unioun gëtt et haut 25 verschidde Loftwaffen. Amerika huet eng, an déi ass bäi wäitem méi effikass wéi eis 25 zesummen. Mä de Bäitrëtt an d'NATO an och d'Zougehéiregkeet zur NATO sinn net zum Nulltarif a fuerdere gréisser Engagementer vun alle Partner, den neie Memberen, mä och vun deenen, déi vun Ufank un dobäi waren. Och si mussen hiren Deel zu der NATO bäidroen. Och mir zu Lëtzebuerg duerfen net vergiessen, datt mir mussen eisen Obolus bezuelen. Dat ass net vill, mä nach ëmmer ganz onpopulär, zumools an ekonomesch onsécheren Zäiten.

Här President, och eis eege Lëtzebuerger Sécherheet duerf net op Schmarotzerdenken ausgeriicht sinn. Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt vun dëser Geleeënheet profitéiere fir e puer Wuert zu enger zweeter NATO-Institutioun ze soen, wou Lëtzebuerg och Member ass an zwar zum NATO-Parlament. Mir sinn do zu sechs Lëtzebuerger Parlamentarier, dräi Memberen an dräi Membres suppléants. Dat sinn der just genuch fir un alle Kommissiounssëtzungen deelhuelen ze kënnen. Ech wëll haaptsächlech op d'Importenz vun eiser Presenz do insistéieren.

E Parlament ass do fir den Exécutif ze kontrolléieren. Bei der NATO kann d'Parlament op d'Militärstruktur Afloss huelen an dat ass net vu Muttwëll. Dat huet sech ganz däitlech bei der Irakkris gewisen, wou op parlamentarescher Basis vill diskutéiert gouf a wou e gewëssenen Afloss op d'Regierungen ze erkenne war. Des Weideren ass d'NATO-Parlament e Forum wou besonnesch déi al Partner den neie Partner kënne vermëttele wat eng Demokratie an Demokratieverständnis ass. Mir wësse jo, wou dës Länner hierkommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Beispill fir d'Wichtegkeet vum Bäitrëtt vun den neie Länner wéi Bulgarien a Rumänien kann een och den Drogenhandel an de Mënschenhandel mat Kanner a Fraen zitéieren. Aus Afghanistan kommen haut vill méi Drogen an Europa wéi dat virum Krich am Afghanistan de Fall war. Ech war viru kuerzem a Rumänien a gouf dervun iwwerzeegt, wéi haut do pragmatesch mat den Nopeschlänner alleguerte ronderëm geschafft gëtt a versicht gëtt dem Drogenhandel bäizekommen. Ech sinn net esou kuerzsichteg ze gleewen, dass elo mat Hëllef vun den neie Bäitrëttsstaten dat elo op eng Kéier géif vill besser ginn an dass mer domadder géifen d'Drogeproblematik léisen. Dat ganz bestëmmt net, mä fir mech ass op alle Fall sécher, dass mer amplaz vu grousser Korruptioun, et an Zukunft zu enger ganz fairer Zesummenaarbecht och op dësem Plang wäerte bréngen.

Här President, ech hu schonn 1998 hei drop higewisen, wéi et zur Spaltung vun Europa koum, wou 1938 den Hitler an Éisträich an an der deemoleger Tschechoslowakei d'Herrschaft iwwerholl huet, wéi den Hitler den 1. September 1939 Polen ugegraff huet. Duerch den Hitler-Stalin-Pakt vun 1939 gouf de Prinzip vun enger Trennungslinn quiesch duerch Europa bestätegt. Vu Finnland bis un d'Schwaarzt Mier gouf Europa kloer getrennt, iwwert d'Käpp vun de betraffene Länner a Mënschen ewech. Déi baltesch Länner goufen der Sowjetunioun einverleibt, genau esou wéi een Deel vu Polen a Rumänien. England a Frankräich hunn Nazi-Däitschland de Krich erkläert, mä et wor deemools onméiglech den Hitler ze stoppen. Et wor verpasst ginn, a Friddenszäiten d'Akzenter ze setzen a prett ze si fir engem Diktator, wéi dem Hitler, vun Ufank un d'Stier ze bidden a kee Spillraum ze loossen.

Här President, mir sinn den neie Mitgliedstaten et schëlleg si an d'NATO opzehuelen an hinnen déi Sécherheet ze ginn, op déi si esou laang hu misse waarden. Iwwert dëse Wee ka sech Europa mat sech selwer réconciliéieren an erëm gutt maachen, wat viru 60 Joer zur Katastroph gefouert huet. Den neie Länner hire Bäitrëtt an d'NATO féiert dës Weideren zu enger vill méi grousser Stabilitéit an Europa. Dës Länner hu bewisen, datt si zu der NATO wëlle gehéieren a si hu grouss Effortë gemaach fir zu stabilen Demokratien ze ginn. Och op regionalem Plang wäert hire Bäitrëtt zu engem bessere Verständnis an zu gudden Noperschafte féieren, an och wäert hire Bäitrëtt den ekonomeschen Developpement an de Regioune favoriséieren.

Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn nëmmen e puer positiv Beispiller déi meng Fraktioun, d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei derzou bréngt, dës siwe Projeten ze stëmmen, mä och a virun allem muss den Dialog mat Russland weider gefouert ginn. Nëmme mat Russland zesumme kënnen an der Zukunft d'NATO an d'Europäesch Unioun de Garant vun der Stabilitéit an Europa sinn.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer och dem Här Rapporteur merci ze soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport zu dëse siwe wichtege Gesetzer. Et ass net fir d'éischt, dass mer hei an der Chamber iwwert d'Osterweiterung vun der NATO schwätzen. 1999 si Polen, Ungarn an Tschechien an d'NATO opgeholl ginn an den ADR hat deemools déi entspriechend Projete mat gestëmmt.

Och dem Bäitrëtt vu Bulgarien, Estland, Lettland, Litauen, Rumänien, der Slowakei a Slowenien an d'NATO steet den ADR positiv géigeniwwer. Dës Länner hunn nämlech an deene leschten dräi bis véier Joer grouss Fortschrëtter gemaach, ënner anerem awer mat der Hëllef vun der NATO am Kader vum sougenannte „membership action plan". Besonnesch wat de Respekt vun de Mënscherechter ubelaangt si vill Fortschrëtter gemaach ginn. Och wat déi demokratesch Kontroll vun de Streitkräften, Strukturreformen op militäreschem Plang an esou weider betrëfft, hunn déi Länner sech vill Méi ginn a sinn, eiser Usiicht no, domadder och elo prett fir an d'NATO. Net ze vergiessen ass och, dass fënnef vun deene siwe Länner d'nächst Joer der EU bäitriede wäerten: Estland, Lettland, Litauen, d'Slowakei a Slowenien. Bulgarien a Rumänien si fir 2007 virgesinn.

De Statsrot huet ënner anerem a sengem Avis festgehalen, dass duerch de Bäitrëtt vun dëse Länner nieft de militäreschen och demokratesch, politesch a wirtschaftlech Reforme gefördert kënne ginn. Et ass also wichteg fir ze hëllefen, dass et deene Länner wirtschaftlech besser geet a mer doduerch och besser kënne mat hinnen zesumme schaffen. Dat soll d'Zil vun enger reeller Friddenspolitik sinn, an d'NATO-Osterweiterung ass deemno och eng wichteg Etapp op deem Wee.

Ech mengen d'Stellung vum ADR vis-à-vis vun der NATO ass bekannt. Den ADR ass fir d'NATO an och fir eng Erweiterung vun der NATO. Et muss ee sech awer Verschiddenes bewosst sinn an deem Zesummenhang. Eng Erweiterung vun der NATO grad am osteuropäesche Raum ass nëmme méiglech, wann een och mat Russland kooperéiert. Ech mengen awer, dass mer do um gudde Wee sinn. D'Indizien dofir sinn: D'Eröffnung vun engem NATO-Informatiounsbüro zu Moskau am Fréijoer 2001, d'Erklärung vum Sommet vu Roum, den 28. Mee 2002, wou d'NATO-Memberstaten a Russland eng gläichberechtegt Zesummenaarbecht vereinbaart hunn, a virun allem d'Aversteesdemech vu Russland, dass och déi baltesch Staten Litauen, Lettland an Estland der NATO kënne bäitrieden, woubäi ech mech awer perséinlech froen, wéi sou fräi Länner d'Aversteesdemech vun iergendengem anere Stat mussen hunn, fir sech der NATO unzeschléissen, a wéisou Russland et sech uganks konnt erlaben, de Bäitrëtt vu sengen Nopeschlänner an d'NATO als feindlechen Akt unzegesinn.

Dës Iwwerleeunge si garantéiert aus enger reng militärescher Logik erauskomm, eng Logik déi säit jeehier mat Friddensinitiativen op Krichsfouss steet. D'Zesummenaarbecht mat Russland fonctionnéiert awer glécklecherweis, dat huet den NATO-Generalsekretär a senger Qualitéit als Virsëtzende vum NATO-Russland-Rot vum November d'lescht Joer kloer ervirgestrach. Am Uschloss un eng Réunioun vum NATO-Russland-Rot huet hien nämlech besonnesch op déi grouss Fortschrëtter an der

Zesummenaarbecht mat Russland higewisen, an och op d'Bedeitung déi dat am Zesummenhang mat der Osterweiterung huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen dass d'NATO ouni d'USA nëmmen ageschränkt handlungsfäeg ass, an dat wäert och an Zukunft nach eng Zäit esou bleiwen. D'USA wäerte weiderhin am Kader vun der Sécherheet an der Stabilitéit, och an engem vereenegten Europa, eng Roll ze spillen hunn. Mä wat een awer net däerf aus den A verléieren ass d'Tatsaach, dass duerch de Bäitrëtt vun deenen neie Staten, den europäesche Pilier an der NATO eng méi grouss Bedeitung wäert kréien, wat wichteg ass am Kader vun der Entwécklung vun enger europäescher Sécherheets- a Verteidigungspolitik.

Et bleiwen awer eng Rei Froen op iwwert d'NATO selwer. Wat fir eng NATO wëlle mer? Wat fir eng NATO brauche mer? Jiddefalls brauche mer eng staark a consolidéiert NATO, déi capabel ass de Weltfridden ze garantéieren. Dat ass awer nëmme méiglech am Kader vun enger kompakter Partnerschaft an där och deem Klengste seng Meenung e Wäert huet. Mir brauchen op kee Fall eng NATO, wou eng oder zwou sougenannte Supermächte sech et kënnen erlaben, eegenhänneg iwwert d'Käpp vun all deenen aneren ewech militäresch Aktiounen anzeleeden, an dat och nach, wéi mer elo wëssen, mat onduerchsiichtegen an deels esouguer verlugenen Argumenter.

Do derbäi kënnt nach, dass d'US-Regierung versicht huet eng Rei Länner ënner Drock ze setzen, an dat am Zesummenhang mat der Collaboratioun an hirer militärescher Interventioun am Irak. Och wann déi zwee Länner do de Krich am Irak eleng gefouert hunn, esou sinn awer déi aner Länner, och d'EU-Länner, mat implizéiert. D'Bomme bezuelen d'USA an England selwer, mä d'Plooschteren an d'humanitär Hëllef musse mir awer och mat droen. Mir brauchen och keng NATO an där eng US-Regierung sech Rechter erauspicke wëllt, déi d'internationaalt Recht op d'Kopp stellen.

1998 hunn d'USA géint de Statut vu Roum, deen d'Schafe vum internationale Geriichtshaff virgesäit, gestëmmt. 2000 huet hire President Clinton dee Statut awer ënnerschriwwen, huet awer gläichzäiteg sengem Nofolger Bush geroden, de Statut net ze ratifizéieren. D'US-Regierung applizéiert och den ASPA, den American Service-Members' Protection Act, e Gesetz wat et der amerikanescher Regierung erlaabt US-Regierungsbeamte mat militärescher Gewalt ze befreien, wa se virun d'internationaalt Strofgeriicht sollten zitéiert ginn.

Den US-President ass autoriséiert all noutwendeg an ubruechte Moyenen anzesetzen, fir déi Persounen ze befreien, déi vum internationale Geriichtshaff géint hire Wëlle festgehalen oder agespaart ginn, wat bedeite kënnt, wann een dat wierklech wäit novollzitt, US-Kommandoe kënnten an Holland afale fir amerikanesch Bierger ze befreien, déi sech musse virum internationale Geriichtshaff veräntwerten, wéi zum Beispill am Zesummenhang mat Krichsverbriecher. Et muss op jidde Fall kloer sinn, dass et fir Krichsverbriecher keng Immunitéit däerf ginn, an dass och all NATO-Land dëst muss respektéieren. D'Lëtzebuerger Regierung huet dat och confirméiert. Och muss d'EU bei der US-Regierung weiderhin awierken, fir dass dat onverantwortlecht US-Gesetz net ëmgesat ka ginn. D'USA ass awer net gewëllt e Rückzieher ze maachen. Dat beweist de Fait, dass se weiderhi versiche mat eenzelnen EU-State bilateral Konventiounen ofzeschléissen, Konventiounen, déi hire Verbriecher d'Immunitéit solle garantéieren a se géint Ausweisung schützen.

D'Lëtzebuerger Regierung ass an deem Zesummenhang och am August 2002 vun den US-Behörde kontaktéiert ginn, fir esou e bilaterale Vertrag ofzeschléissen. Déi 15 EU-Staten hunn Enn August 2002 décidéiert an där Affär eng gemeinsam Approche ze fannen, fir der onverantwortlecher US-Initiativ entgéint ze wierken an ech hoffen, dass dat hinnen och gegléckt ass, well d'US-Regierung ass weiderhi bei enger Rei vun EU-State virstelleg gi fir an deem Zesummenhang Drock ze maachen.

D'Regierung huet op d'Äntwert vun enger Fro vum ADR matgedeelt, dass Lëtzebuerg bei deene Länner net dobäi war. An ech hoffen, datt d'Regierung eis haut nach eemol ka confirméieren, datt esou e bilateralen Accord fir Lëtzebuerg net wäert a Fro kommen, an datt se alles versicht, datt och d'EU hei eng eestëmmeg Positioun géint d'US-Regierung bezitt. Well déi US-Regierung, déi elo um Pouvoir ass, schreckt an deem Zesummenhang virun näischt zréck. Sou konnt een zum Beispill den 2. Juli 2003 an engem Artikel an der „Welt" liesen, datt d'US-Regierung 30 Staten ënner Drock géif setze fir d'Immunitéit vun hire Verbriecher duerchzedrécken. Déi betraffe Länner kréie gedréit mat der Kierzung oder souguer mam Sträiche vun amerikanesche Militärhëllefen. Ënnert dem Drock hunn eng Rei Länner, och verschiddener déi zum Beispill mat zu de Grënnungsländer vum internationale Geriichtshaff gehéieren, dat bilateraalt Ofkommen mat Amerika ënnerzeechent. Zum Beispill Rumänien, déi et ënnerschriwwen hunn, zwar nach net ratifizéiert hunn, an Albanien a Bosnien, fir nëmmen déi ze nennen.

Hei gëtt vun der US-Regierung versicht d'Souveränitéit vum internationale Geriichtshaff ze ënnergruewen, an dat mat Moyene fir déi den US-President Bush eigentlech scho misst virun den internationale Geriichtshaff zitéiert ginn. Am internationale Recht, sou wéi an all Rechtssystem, duerf et keng Privilegie ginn, well soss kann et net fonctionnéieren, a genau esou verhält et sech och mat der NATO. Eng NATO kann nëmme fonctionnéieren, wann all Land, egal wéi grouss a staark et ass, sech enger kompakter Partnerschaft a faire Spillregelen ënnerwerft. An dat mat engem eenzegen Objektiv, de Weltfridde prioritär op friddlechem Wee ze garantéieren an all eegesënneg a besonnesch all eegennëtzeg militäresch Aktioune vun eenzelne Länner vu vireran ze ënnerbannen.

Dat ass déi NATO déi mer brauchen. Dat ass déi NATO fir déi sech Europa muss staark maachen. An dat kann Europa, besonnesch elo wou duerch de Bäitrëtt vun ëmmer méi EU-Länner an d'NATO den Afloss vun Europa an der NATO méi staark gëtt. Viraussetzung ass awer, datt déi eenzel EU-Länner solidaresch sinn an och staark genuch fir sech vun den USA weder beaflossen nach erpressen ze loossen.

An och déi Staten, déi am Weltsécherheetsrot vertruede sinn, musse méi Réckgrat beweisen. Et duerf einfach net sinn, datt bei wichtege Sécherheetsfroen an Entscheedungen eenzel Länner sech wirtschaftlech erpresse loossen a sech op d'Säit vun enger Lobby schloen, déi virrangeg hir eegen Interessen am Sënn huet. Wéi zum Beispill den 12. Juni 2003, wou de Sécherheetsrot de sougenannte Friddenszaldote vun den USA nach ee Joer Immunitéit zougestanen huet, fir wa se iergend e Verbrieche solle begoen. An ech soen domadder ganz kloer hei: Een deen eppes verbrécht, dat ass kee Friddenszaldot, dee kann een net méi als Friddenszaldot bezeechnen, zemools wann en eppes an enger Missioun verbrécht, wou en am Fong an e Land geschéckt gëtt fir ze hëllefen a fir Fridden ze suergen a fir déi Leit ze schützen.

Et si just Länner wéi Frankräich an Däitschland a Syrien déi sech deem do entgéint gesat hunn. Aner Länner hunn, wéi mer wëssen, duerch wirtschaftlech Erpressung deem Drock do noginn.

Et ass deemno nach villes ze bewegen, fir datt mer déi NATO, awer besonnesch déi Weltuerdnung kréien, déi eis de Fridde ka laangfristeg ofsécheren, awer och kann dofir suergen, datt a verschiddene bedréite Länner friddlech Léisunge fonnt ginn. Den ADR steet wéi gesot der NATO-Erweiderung positiv géigeniwwer. Mir fuerderen awer d'Regierung op, bei allen Exzesser vun iergendengem Land hire Veto anzeleeën, an alles drun ze setzen, datt d'EU hiren Afloss geschlossen an der NATO geltend ka maachen.

Dat gesot, Här President, bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun fir dës siwe Gesetzer, déi de Bäitrëtt vun de betraffene Länner an d'NATO erméiglechen an domadder och d'Positioun vun der EU an der NATO stäerken. Eng geschlossen EU an der NATO kann d'Gläichgewiicht duerstellen, fir datt équitabel Léisunge bei alle Konflikter kënne fonnt ginn, am Interesse vum Fridden.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht zum Ufank e klenge geschichtleche Rappel, deen dora besteet fir mol ze erënneren op wat d'NATO opgebaut ginn ass, respektiv firwat se iwwerhaapt geschafe ginn ass.

Et ass de Mëtteg scho vill geschwat ginn iwwert d'NATO als Sécherheetsbündnis vun der Nokrichszäit. Et ass awer eppes vergiess ginn ze soen, an dat misst een awer vläicht mol rappeléieren, datt d'NATO net eng Äntwert war op de Warschauer Pakt, mä datt et ëmgedréint wat. Datt fir d'éischt d'NATO gegrënnt ginn ass an de Warschauer Pakt eigentlech eng Äntwert war op d'NATO.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Firwat soen ech dat? Mä ech mengen dat ass wichteg wann een haut iwwert d'NATO diskutéiert, well dat regeneréiert eigentlech eng wesentlech Kritik déi déi Gréng ëmmer gemaach hunn un deem Sécherheetsbündnis do, andeem mer gesot hu spéitstens no 1989, datt eigentlech d'NATO e Relikt ass vum kale Krich an datt ee sech muss d'Fro stellen hautdësdaags, ob dat Sécherheetsbündnis do, mat deem historeschen Hannergrond op deen et opgebaut war, haut nach dat gëeegent Instrument ass fir d'Sécherheet an enger komplett verännerter Welt ze garantéieren.

Ech mengen et ass kloer, dat wat mer haut hei maachen, déi Gesetzesprojeten déi mer haut hei wäerte stëmmen, wahrscheinlech à l'unanimité - huelen ech mol un oder vläicht à l'unanimité, op alle Fall mir als Gréng wäerte se och stëmmen, ech soen dat direkt am Virfeld -, déi baséieren op engem historesche Moment. Nämlech op deem Moment deen 1989 ugaangen ass, deen hei eigentlech domadder ofgeschloss gëtt, wou effektiv de kale Krich definitiv begruewe ginn ass a wou mer op engem Punkt ukomm sinn, datt eigentlech dat erëm zesummewiisst wat eigentlech och zesumme gehéiert, virun allem och aus engem sécherheetspoliteschen Aspekt eraus gesinn.

Et ass awer haut esou, wa mer och duerch dee Bäitrëtt haut deen historesche Prozess ofschléissen, da mengen ech datt et ebe wéinst deem éischte Punkt ass wou ech gesot hunn a wéinst deenen Evénementer, déi mer an deene leschte Méint erlieft hunn, dass mer haut méi wéi jee mussen d'Fro opwerfen, ob een dat Bedürfnis no Sécherheetspolitik, wat mer haut hunn a wat sécherlech net méi kleng ginn ass wéi zum Beispill an de 50er an an de 60er Joren, nach ka léise mat enger Struktur vun der NATO wéi se haut besteet, och wa se méi grouss gëtt oder vläicht esouguer desto méi wa se nach méi grouss gëtt, och aus deenen Iwwerleeungen eraus déi den Här Bodry schonn de Mëtteg hei gemaach huet.

No 1989, nom Enn vum kale Krich, huet d'Welt sech enorm verännert a si huet och en immensen Afloss kritt op d'Ausriichtung vun der NATO a si huet virun allem eppes bewierkt, an dat ass datt no dem Untrëtt vun der Administratioun Bush versicht ginn ass, massiv der NATO net nëmmen eng aner Ausriichtung ze ginn am Sënn vun där verännerter Welt, mä och an der gesamter Doktrin vun der NATO. An ech wëll do dem Här Bodry soen, deen de Mëtteg gemengt huet datt ee misst iwwer eng nei Doktrin vun der NATO nodenken, datt zumindest déi nei amerikanesch Administratioun, déi 2000 ugetratt ass, mat Meilenstiefeln an déi Richtung gaangen ass an et kann ee soen och zu gewëssenen Deeler déi Doktrin duerchgesat huet.

Dir kënnt lech nach erënneren, datt op där éischter NATO-Tagung, wou deen neien US-President ugetratt ass, wou en eigentlech seng éischt Akte gesat huet, datt en e Pabeier op den Dësch geluecht huet vun der amerikanescher Administratioun, wou et drëms gaangen ass eng nei Doktrin ze definéieren, déi huet geheescht „out of area"-Strategie. Dat heescht am Kloertext, datt et an Zukunft net méi eleng drëms géif goe fir innerhalb vun dem NATO-Bündnis, dat heescht vun deene Länner vum NATO-Bündnis ze operéieren, mä och ausserhalb vun deene Länner, déi an der NATO dra sinn, kënnen ze operéieren, an dat net nëmmen defensiv, mä och souguer preventivoffensiv. An et ass esou datt déi Offensiv an déi Strategie mat - géing ech soen - enger gréisserer Hartnäckegkeet vun där doten Administratioun verfollegt ginn ass vun deem Datum un, fir aus deem defensive Militärbündnis NATO, dat limitéiert war op den NATO-Territoire, wou et jo drëms gaangen ass, datt déi Länner, déi do dra Member waren, am Fall wou eent géing ugegraff ginn, eent deem anere géingen Hëllefstellung leeschte fir sech ze verteidegen, fir also doraus ee Bündnis ze maachen, wat och ausserhalb vun deem Territoire kéint agéieren, an och wéi gesot net nëmmen defensiv, mä och offensiv.

Glécklecherweis, kann ee soen, ass dës Strategie bei deene meeschte Partner an der Europäescher Unioun op wéineg Sympathie gestouss an op wéineg Géigeléift. Et ass esou, datt mat Ausnahm vu Groussbritannien déi meescht EU-Länner éischter där Strategie skeptesch géigeniwwer stoungen, an an enger éischter Phas ass et och du fäerdeg bruecht ginn, loosse mer esou soen, fir innerhalb vun der NATO déi Strategie zréckzedrängen.

Du koum dat Evénement vum 11. September, an dat schrecklecht Evénement vum 11. September, wat zu Recht vun alle Säiten, och heibannen, condamnéiert ginn ass. Dat ass awer duerno politesch och benotzt ginn, fir där „out of area"-Strategie, déi am Joer 2000 scho längstens um Dësch louch, eng nei Chance ze gi fir an d'Richtung ze goen, an ze profitéiere vun deene méi gënschtege politesche Viraussetzungen, fir déi Strategie do nei op den Dësch ze bréngen.

An eigentlech ass den Irakkrich, an dat wat am Irakkrich geschitt ass, näischt aneschters gewiescht wéi d'praktesch Ëmsetzung vun där Strategie, déi am Joer 2000 schonn eng Kéier am Kader vun der NATO presentéiert ginn ass. Och hei muss ee soen: Glécklecherweis hunn déi meescht State vun der Welt an och déi meescht NATO-Staten, och Lëtzebuerg, sech net kréie gelooss a sinn net hannendru gelaf an hunn déi Strategie ënnerstëtzt. Och dat war jo ee vun de Grënn, firwat datt et déi éischte Kéier an der Geschicht vun der NATO zu engem seriöe Konflikt komm ass innerhalb vun der NATO, déi Geschicht vun der Hëllefleeschtung un d'Türkei. Dat ass jo näischt aneschters wéi eben dee Konflikt do. An et ass och esou gewiescht, datt et huet missen zu deem Kompromëss do kommen, dee mer jo haut alleguerte kennen. Gott sei Dank, muss een och soen, huet d'Unanimitéit an der NATO bestanen, wat erlaabt huet, datt déi Strategie vun de Vereenegte State sech net konnt duerchsetzen an der NATO, fir datt et eben net derzou komm ass, datt och nach d'NATO agebonne gi wär an déi nei Strategie vun där Bush-Administratioun, déi schonn hir Virbereedungen hat am Joer 2000 bei dem éischten NATO-Conseil, wou den neie President vun de Vereenegte Staten opgetratt ass.

An et ass och esou, datt dat gestéiert Kräfteverhältnis, dat mer dee Moment konnte feststelle bei där Diskussioun – an do soll ee sech keng Illusioune maachen -, datt dat net behuewen ass. Déi NATO konnt während 40 Joer gutt fonctionnéieren, well e gewëssenen Equiliber bestanen huet an de Kräfteverhältnisser, a well dat de part et d'autre ëmmer respektéiert ginn ass. Et ass esou, datt eng vun de grousse Stäerkte vun deem Bündnis war, datt Jorzéngten no dem Zweete Weltkrich net permanent versicht ginn ass vun de Vereenegte Staten, fir deenen aneren alles ze diktéieren an datt si eleng kënnten décidéieren, wou et géing higoen an deen, deen net géing mat maachen, dee wär aussen vor, mä datt versicht ginn ass an engem Equiliber dat Bündnis oprecht ze erhalten. Well wann dat nämlech net geschitt wär während 40 Joer, hätt dat Bündnis déi 40 Joer mat Sécherheet net iwwerlieft. Mä et ass awer esou, datt e gestéiert Kräfteverhältnis haut do ass, an et muss ee sech froen: Firwat ass dat gestéiert Kräfteverhältnis do?

Et ass net egal, wat fir e Sécherheetsbündnis mer eis fir d'Zukunft ginn oder brauchen, ob dat NATO heescht oder wéi och ëmmer, mä et kann nëmmen da fonctionnéieren, wann e Kräfteverhältnis weltwäit besteet, dat an engem gewëssen Equiliber läit tëschent den USA an der Europäescher Unioun, dat heescht op deenen zwee Pilieren, déi an deene leschte 40 Joer souzesoen de Garant ware vun engem stabile Fonctionnéiere vun der NATO selwer. Dat kann awer de Moment eiser Meenung no net fonctionnéieren, well d'Europäesch Unioun dräi enorm Defiziter huet.

Deen éischten Defizit ass extrem flagrant am Irakkonflikt zum Virschäi komm. Dat ass dee vun der politescher Wëllensbildung, esou wéi se de Moment an der Europäescher Unioun an aussen- a sécherheetspolitesche Froe leeft. Et ass zimlech kloer, datt deen Drama, dee mer do erlieft hunn, zu engem groussen Deel derzou bäidréit, datt d'EU net um nämlechten Niveau, wat d'Stäerkt ubelaangt, kann agéieren. Och wann ee konnt Hoffnung hunn, datt am Kader vum Konvent een de grousse Worf hätt kënnen, grad eben um Hannergrond vum Irakkonflikt, maachen an deenen dote Froen, esou muss ee leider haut feststellen, datt mer zwar e Schrack weiderkomm sinn, mä datt mer awer nach laang net do ukomm sinn, wou eiser Meenung no ee misst ukomm sinn, fir datt ee kënnt schwätze vun enger zolitter a gefestegter gemeinsamer politescher Wëllensbildung an aussen- a sécherheetspolitesche Froe vun der Europäescher Unioun.

Deen zweete Punkt ass d'Ëmsetzung vun dem politesche Wëllen. Och do hu mer genuch negativ Beispiller am Irakkonflikt gewise kritt. Ech wëll nëmmen drun erënneren, datt zumindest eng Resolutioun, déi op engem EU-Ausseministerconseil à l'unanimité verofschiet ginn ass, net respektéiert ginn ass, déi wuel relativ vague gehale war, mä wou zumindest eng Rei Saachen dra stongen. Ënner anerem stong zum Beispill dran, datt déi Europäesch Unioun näischt géing mat droen, wann et net vun der UNO legitiméiert wär. Och d'Englänner hunn dat dee Moment mat gedroen, zumindest an där Resolutioun. Fir de Rescht war déi Resolutioun relativ vague, mä ëmmerhi war dat e wichtege Punkt. Wann een deen eescht geholl hätt, da wär et net zu deem Krich komm, dee mer kennen, a wou mer jo haut kënne feststellen, datt iwwerhaapt kee Problem geléist ass, datt vläicht den aktive Krich eriwwer ass, mä datt den eigentleche Krich eréischt ugefaangen huet, a kee Mënsch kann haut viraussoe wéi dat destabiliséiert Land an déi destabiliséiert Regioun sech wäerten entwéckelen. Wéi gesot, bei der Ëmsetzung vum politesche Wëllen happert et nach vill méi wéi bei der politescher Wëllensbildung selwer. Och dat ass e wichtege Punkt, firwat datt de Pilier Europa am Kräfteverhältnis Europäesch Unioun-USA net fonctionnéiert.

En drëtte Punkt ass natierlech dee vun de Moyenen. Et ass esou, datt d'Europäesch Unioun am Moment als Unioun selwer keng Moyenen huet, fir kënnen eng minimaalste Sécherheetspolitik ze bedreiwen. Et ass kloer, datt d'Europäesch Unioun sech déi awer muss ginn, well ansonsten dat drëtt Standbeen fir en zolitte Pilier ze ginn, net garantéiert ass. Dofir ass et och fir eis kloer, datt onofhängeg dervun a wat fir eng Richtung een diskutéiert, ob ee wëllt déi bestehend NATO reforméieren, oder ob een aus der NATO eppes aneschters eraus entwéckelt, dat allerwichtegst Element fir d'Sécherheetspolitik an Europa an doriwwer eraus an der Welt muss sinn, déi dräi Defiziter, déi d'Europäesch Unioun huet, an d'Rei ze kréien, well wa mer dat net fäerdeg kréien, da komme mer ni zu engem internationale Sécherheetsapparat, deen an déi Richtung geet, wéi mir eis et virstellen. Well wann een e Sécherheetsapparat opbaut a sech eng gemeinsam Aussepolitik gëtt, da muss een där jo och eng Zilrichtung ginn. Am Moment ass et op jidde Fall fir eis kloer, datt d'Zilrichtung muss dohi goen, datt weltwäit muss versicht ginn, d'Demokratie an d'Mënscherechter ze garantéieren. An dofir muss d'Europäesch Unioun stoen. Do ass d'Europäesch Unioun och déi eenzeg Instanz, déi fir zwee Su do crédibel ass als gréissere Block.

D'Vereenegt Staten, esou laang wéi se den internationale Geriichtshaff net akzeptéieren a sech permanent wëllen ausse vir loossen, respektiv sech och nach Extrawurschte brode wëlle loossen, esou laang sinn d'Vereenegt State sécherlech net crédibel weltwäit fir fir Demokratie a Mënscherechter anzetrieden. D'Europäesch Unioun huet do e groussen Acquis. Dee gëllt et ze verteidegen an Drock ze maachen an Zukunft, datt den internationale Geriichtshaff vu jiddferengem akzeptéiert gëtt.

Deen zweete Punkt, an dee misst eis och wesentlech ënnerscheede vun de Vereenegte Staten, ass, datt mer d'Aussen- a Sécherheetspolitik gesi fir se anzesetze fir eng gerecht a solidaresch Weltwirtschaft ze kréien, dat heescht ewech ze komme vun där Politik, déi déi zweet Halschent vum 20. Jorhonnert gekennzeechent huet, wou Aussepolitik gréisstendeels en Instrument war, fir hegemonial Virstellungen duerchzesetzen, fir hir eegen ekonomesch Interessen duerchzesetzen, mä datt et effektiv muss drëms goen, dee ganzen Apparat anzesetze fir eng gerecht solidaresch Weltwirtschaft ze kréien.

Dat ass iwwregens fir eis déi wesentlechst Viraussetzung fir och eng Kéier den Terrorismus definitiv bekämpft ze kréien, well den Nährbuedem vum Terrorismus läit an enger ongerechter Weltuerdnung, an esou laang wéi mer déi net ofgeschaaft kréien, esou laang sinn all aner Gesetzer vläicht kuerzfristeg mol nach deelweis effikass, mä déi droen net derzou bäi, datt mer eng Kéier zu engem weltwäite Sécherheetsgefill kommen, dat deen Numm verdéngt an den Terrorismus géing definitiv ewech kréien.

An dann en drëtte Punkt, datt dat Sécherheetsbündnis sech virrangeg misst asetzen an der Preventioun, dat heescht, fir Konflikter évitéiert ze kréien. Et muss drëms goen, datt et net zum Konflikt kënnt. D'Europäesch Unioun huet eng Rei Lektioune geléiert, virun allem am Balkankonflikt, wou vill ze vill laang nogekuckt ginn ass, wou och ekonomesch gesinn net fréi genuch intervenéiert ginn ass, fir ze évitéieren, datt et zu där Déstabiliséierung géing um Balkan kommen, déi dann herno zum militäresche Konflikt schlussendlech gefouert huet. Dofir Preventioun an deem Sënn sech ze interesséiere fir d'Lag an deenen eenzelne Länner an domadder Konflikter ze évitéieren, och schlichtend anzegräife mat Zäit, wann et nach Zäit ass. Alles dat muss eng wichteg Premiss gi vun esou engem Bündnis.

An deem Sënn ass et och fir eis kloer, datt déi zéng nei Länner, déi elo bäikommen, wann ee sech déi Lëscht ukuckt a kuckt wéi déi sech verhalen hunn am Irakkrich, een a priori kënnt soen, do misst et engem Angscht ginn, datt d'Verhältnis an der NATO fir déi Strategie, déi ech elo grad opgezeechent hunn, sech éischter géing verschlechteren.

Ech sinn awer do éischter optimistesch, well ech der fester Iwwerzeegung sinn, datt déi Länner, déi jo gläichzäiteg an d'Europäesch Unioun erakommen, relativ séier wäerte gesinn, wéivill se kënne profitéiere vun deem Modell, dee baséiert op deene Grondwäerter, déi ech virdrun opgezielt hunn, a wat dat och fir d'Bevölkerung ka bréngen, alles Saachen déi sécherlech fir si vill méi interessant sinn. An da wäerte se och nach deementspriechend natierlech eng Rei Iwwerleeungen, déi se haut vläicht nach aussepolitesch un den Dag leeën, veränneren an éischter an d'Richtung denke vun der Europäescher Unioun.

Esou datt ech der Iwwerzeegung sinn, datt, vu datt déi zwee Prozesser gläichzäiteg lafen, et am Endeffekt mëttelfristeg eng Stäerkung wäert sinn, wann d'Europäesch Unioun sech déi Ziler setzt, déi ech elo opgezielt hunn, vun deenen, déi ebe Militärbündnisser net esou gesi wéi vläicht den Här Bush se gesäit a senger Administratioun.

An deem Sënn ass et och fir eis kloer, datt mir hei e kritesche Jo bréngen zu deene Projeten, well mer der Iwwerzeegung sinn, datt et hei drëm geet, déi Länner ebe politesch och ze integréieren an d'Europäesch Unioun, an dat neit europäescht Haus, wat mer wëllen opbauen.

Ech sinn der Iwwerzeegung, datt, wa mer déi aner Aufgabe gläichzäiteg geléist kréien an deenen nächste Joren an déi Integratioun insgesamt vun deenen zéng Länner do gutt klappt, datt et dann och insgesamt zu engem Iwwerdenke kënnt vum Verständnis vun enger Sécherheetspolitik international. Op alle Fall wäerte mir als Gréng mat all eise Moyene versichen an déi Richtung matzehëllefen, déi ze stäerken, déi dat wëllen. An deem Sënn bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun a soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Domat wieren déi ageschriwwe Riedner all erduerch an ech géif dann der Regierung d'Wuert ginn. Madame Polfer, als Ausseminister hutt Dir d'Wuert elo.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt mat Satisfactioun festzestellen, datt d'Ratifikatioun vun deene siwe Projet-de-loië jo schéngt de Mëtteg hei à l'unanimité iwwert d'Bühn ze goen.

Ech si ganz frou doriwwer, well dat ënnersträicht, datt mir eis all bewosst sinn, datt et sech hei wierklech ëm en historesche Moment handelt, an datt mat dëser Ratifikatioun, mat dem Elargissement also vun der NATO, wou siwen nei Länner an d'NATO opgeholl ginn, datt dat ee vun deenen zwee Héichpunkten ass vum Prozess ganz einfach vun der europäescher Integratioun, no deenen historeschen Evénementer vun 1989. 40 Joer wierklech Kale Krich a virdru Jorzéngte vun Haass, Diktatur an Nationalismus kommen op en Enn an den Dram vun engem gëeenten, vun engem friddlechen an demokrateschen Europa ka Realitéit ginn.

All déi, déi mengen, datt dëst eng Selbstverständlechkeet wier, dass dës Demokratiséierungsprozesser an Ost- a Mëtteleuropa och ouni Integratiounsprozess, dee gehollef kritt huet vun onser Säit, iwwert d'Bühn gaang wieren, ech mengen, déi leie falsch an déi verkenne wierklech d'Schwieregkeeten, déi dës Länner och selwer ze iwwerbrécken haten.

Säit dem Fall vun der Berliner Mauer hu mer gehollef. Dëse Prozess, wéi gesot, war net ëmmer einfach an och net ëmmer evident an den Elargissement elo vun der NATO a vun der Europäescher Unioun sinn d'Kréinung vun all dësen Efforten a vun dësem echte politesche Wëllen, dee vun deene Länner eben och un den Dag komm ass.

D'NATO iwwregens war ëmmer op fir nei Memberen, à condition évidemment dass se verschidde Bedingungen erfëllt hunn an den atlantesche Raum méi sécher maachen, wat eng gutt Noperschaftspolitik natierlech viraussetzt. Demokratie a Rechtsstat no bannen, Rechter fir Minoritéiten an d'Bedingunge schafe fir Wuesstum a Wuelstand hunn zu dëse Konditioune gehéiert.

Dës nei Memberen, déi mer elo ophuelen, hu sech heizou verpflicht, mä si kréien net nëmmen eppes vun eis, si ginn eis och eppes. Si bréngen nämlech hir Erfahrung och vu ganz schwieregen Zäiten, vun totalitäre Regimë mat an hire Wëllen, fir datt dat ni méi geschitt. Méi Sécherheet a Stabilitéit an Europa, dat bréngen si mat hirem Bäitrëtt an d'NATO an och eben herno an d'Europäesch Unioun.

Um militäresche Plang hu se alleguerten elo schonn hir Contributiounen a Friddensmissioune geleescht. Ech erënneren do zum Beispill nëmmen un déi am Balkan. Och dat soll een net vergiessen, besonnesch wa mer wësse wéi vill Problemer mir eben och als Lëtzebuerg hunn, fir genuch Zaldoten ze fannen, déi mir an deene Kriseregioune wëllen déployéieren.

Nun, wéi war d'Preparatioun op dës Adhésioun, nodeems déi éischt Vague vum Elargissement, wou Polen, Ungarn an d'Tschechesch Republik bäigetruede sinn, vläicht net grad esou strukturéiert ofgelaf ass? Dësen Elargissement ass méi strukturéiert virgeholl ginn an am Abrëll 1999 ass de „membership action plan" ugeholl ginn, deen ebe virgesäit, datt eng Rei Kritäre fir d'Adhésioun preziséiert ginn, an datt hei soll e kontinuéierleche Suivi ageriicht ginn.

Eng Partie vun den NATO-Memberen hunn den Akzent op déi militäresch Aspectë geluecht, ënner anerem op déi ominéis 2% vun deenen de Mëtteg hei jo och e puermol Rieds war, 2%, déi d'Militärdépensë sollte vum Bruttosozialprodukt ausmaachen. Ech kann hei nëmmen nach eng Kéier ënnersträichen, datt fir d'Lëtzebuerger Regierung dëse Kritär ni determinant war, an datt mer dat och ëmmer an iwwerall gesot hunn. Well ech mengen et muss ee sech jo emol virstellen, wat déi sozial Situatioun an deene Länner ass, a mir verlaangen effektiv eppes do vu Länner, déi ganz aner Schwieregkeeten hunn, wat eng ganz Rei vu jëtzegen NATO-Memberen net erfëllen.

Ech huele gären un, dat heescht ech muss unhuelen, well et d'Realitéit ass, datt Lëtzebuerg wäit ewech ass vun deenen 2%. Dat soll net eng Entschëllegung sinn, mä et soll just awer eng Erklärung sinn: Mir stinn net eleng do. Eng ganz Rei aner dichteg NATO-Membere kommen och net un déi 2% erun, sief dat Belgien, Dänemark, Däitschland, jo souguer Spuenien, Kanada oder och souguer nach Holland leien ënnert deenen 2%. An dofir, wéi gesot, mir hunn net nëmme fir eis geschwat, wa mer gesot hu mir géingen dat net als dee wichtegste Kritär emfannen, mä datt et politesch Kritäre wieren, déi vill méi wichteg wären. D'ailleurs leien och elo zwee vun deenen neien, déi dobäi solle kommen, ënnert deenen 2%. Dat ass d'Slowakei a Slowenien, déi déi 2% nach net erreecht hunn an déi nawell, an och nëmmen zu Recht, Member vun der NATO solle ginn. Ech wollt dat hei awer zur Klärung gesot hunn.

Nun, wat gëtt den Impakt vun dësem Elargissement vun der NATO op d'EU? Den Elargissement vun der NATO kann nëmme positiv och fir d'Europäesch Unioun sinn. Dat ass de Mëtteg och hei vun alle Säiten ervirgestrach ginn. Firwat? Mä well d'NATO de Sécherheetsproblem an dëse siwe Länner léist. A Sécherheet no baussen ass och ëmmer gutt fir Sécherheet a wirtschaftlech Entwécklung no bannen. Domat kann also dëse Bäitrëtt an d'NATO och fir d'Europäesch Unioun nëmme positiv sinn an d'Transformatioun vun den Arméie bei deene siwen ass ganz einfach och am Intérêt vun där Sécherheetspolitik, déi mer gemeinsam wëlle verstäerken.

An dat gesäit een och ganz kloer elo schonn an deene puer Méint, wou déi 10 nei Memberen dobäi sinn an den Diskussiounen; den Här Bausch huet drop higewisen. Jo, do mécht sech elo schonn eng aner Realitéitswahrnehmung spierbar, wéi dat wat ebe virdru war. Dat ass ganz normal, an ech mengen hei kann een nëmme gesi wéi Dialog a Kooperatioun sech einfach nëmme kënnen zum Besseren dréinen.

An dofir, wann een och zënter der Irakkris alt oft gehéiert huet, datt deen Elargissement hei éischter géing d'Amerikaner, deen atlantesche Volet stäerken, esou wëll ech éischter drop hiweisen, datt mer net solle versichen an esou Kategorië vun Iwwerleeungen ze goen. Ech mengen, dat féiert eis net wäit.

Wat mir musse maachen, wat mir ganz kloer musse maachen, dat ass den europäesche Volet vun deenen transatlantesche Bezéiunge stäerken. Dat wëlle mer, dozou hu mer eis alleguer bekannt, mä dat musse mer dann och maachen. An dofir war ech e bëssen erstaunt iwwert dem Här Bodry seng Bemierkungen iwwer eis Zesummenaarbecht mat eisen direkten Noperen am Kader vum Sommet vum 29. Abrëll.

Ech ginn Iech nëmmen dräi gutt Ursaache firwat mer do dobäi waren. Dir wësst, well mer et hei jo ganz kloer och gesot hunn, datt déi Bestriewungen, déi do un den Dag geluecht gi sinn, an déi déi Memberen, déi do dobäi waren, haten, ganz einfach déi waren, fir déi europäesch Sécherheetspolitik a Verdeedegungspolitik ze verbesseren. Nodeem während Joren dovu geschwat gouf, nodeem während Joren d'Amerikaner eis och…

***(Interruption)***

Da waart eng Minutt, ech kommen drop zréck! Ech sinn nach guer net fäerdeg, ech fänke just eréischt un.

Nodeem mer dat während Jore vun den Amerikaner gefrot ginn, datt mer solle méi Effortë maachen a besser Efforten, war opgrond vun enger Initiativ vum Guy Verhofstadt, déi am Juli 2002 geholl ginn ass, also laang ier mer vum Irak geschwat hunn, e Bréif geschriwwe ginn un de Jacques Chirac, un de Gerhard Schroeder, an och un den Tony Blair, wou e ganz einfach proposéiert: Kommt mer setzen eis zesummen a mer maachen dat an der Folleg vun enger ganzer Rei aneren Initiativen, déi virdru scho geholl gi sinn, an déi mir alleguer ënnerstëtzt hunn. En huet Propositioune gemaach, fir d'Sécherheetspolitik méi enk a besser ze gestalten.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

A firwat an deem Moment? Do kommen ech op eng éischt Äntwert. Mä well mer mëtten an den Diskussioune vum Konvent waren. A well am Konvent déi Propositioune sollten hiren Nidderschlag fannen. An dat war eng vun den Haaptursaache firwat déi Kollaboratioun dee Moment war an déi Propositiounen op den Dësch komm sinn. De Fait ass, dass den Irakkonflikt dat Ganzt e bëssen an en anert Liicht gestallt huet, an datt dee Moment d'Englänner och net méi wollten an deem do Kader mat schaffen.

Firwat hu mir mat gemaach? Mä well et ganz einfach an der Traditioun vun der Lëtzebuerger Aussepolitik a besonnesch Europapolitik ass, datt all Kéiers wa Memberen am Kader vun der Europäescher Unioun méi enk wëllen zesummeschaffen, mir och wëllen derbäi sinn, sief dat elo Schengen, wat e gutt Beispill ass, a wou Lëtzebuerg eng ganz positiv Roll hat, sief dat den Euro. A wéi mer gehéiert hunn, datt hei esou eng Initiativ sech géing ubahnen, du war dat emol a priori e prinzipielle Reflex, dee bei de Lëtzebuerger gespillt huet.

D'zweet Argument, an dat brauch ech Iech net ze soen, Dir kennt et am allerbeschten, eis enk Zesummenaarbecht mat der belscher Arméi. Bei alle Missiounen, déi mer maachen, géinge mir eleng schwéierlech vill Saachen op d'Bee bréngen. D'belsch Arméi ass ëmmer eisen direkten an éischte Partner gewiescht. Dofir ass et evident, wann déi an eng méi enk Kollaboratioun ginn, datt mer versichen do mat um Dësch ze sëtzen, wann driwwer diskutéiert gëtt. A last but not least, an dat ass jo eppes wat den Här Asselborn och oft ënnerstrach huet, et handelt sech hei ëm eng Kollaboratioun vun eisen dräi Nopeschlänner: d'Belsch, Däitschland a Frankräich.

Wann eis dräi Nopeschlänner also eng Kollaboratioun an esou engem wichtegen Domaine maachen, da wier et onverantwortlech, wa mir net hätte wëllen do derbäi sinn an net ganz einfach eisen Intérêt gewisen hätten. Déi Remarken, déi versicht hunn dat Ganzt an d'Lächerlecht ze zéien, just well Lëtzebuerg derbäi ass, déi blaméieren éischter déi, déi se maachen, well wa mer esou géingen denken, da kënnt ee bei ville Saachen dat ervirhiewen, a just eis Kollaboratioun weist, datt kee brauch ze fäerten. An do kommen ech op de Punkt vun der Saach: All déi Propositioune ware jo net géint ee geriicht, mä all déi Propositioune si gemaach gi fir eis Sécherheets- a Verteidegungspolitik besser, méi kohärent a méi effikass ze gestalten, esou wéi eis transatlantesch Frënn, eis amerikanesch Frënn dat vun eis - an zu Recht - verlaangen.

Den Här Halsdorf huet et gesot, hei ass de Problem net eppes dat Amerika ze vill mécht, mä de Problem läit ganz einfach do, datt Europa net genuch mécht. Europa net, a mir och net. An hei war e konkreten Usaz, fir deem entgéint ze wierken. Also mengen ech, war dat scho richteg.

An de Konvent sinn eng ganz Rei vun deenen Iddien agefloss. Elo musse mer natierlech kucken an der Conférence intergouvernementale, ob mer et fäerdeg bréngen, dat nach e bësse méi ze preziséieren an dat nach méi effikass ze gestalten.

Mä evident ass, datt eng europäesch Sécherheetspolitik nëmme kann effikass sinn, wann der méiglechst vill a wa se méiglechst all mat maachen. Et war ni dru geduecht ginn, datt nëmme véier Länner hei sollten eppes maachen, mä dat soll een awer net ofhale Propositiounen ze maachen. An deem Sënn ass et gemaach ginn, an ech mengen dofir brauche mer eis a kengem Moment ze schummen. Ganz au contraire. Mir hunn dat och eisen anere Partner gesot.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

E Wuert nach zu dem Rôle vun der NATO. En ass de Mëtten ugeschwat ginn, an zu Recht. Eng vergréissert Unioun huet vergréissert Méiglechkeeten, an huet awer och eng vergréissert Responsabilitéit. Déi nei Missiounen an d'Strategiekonzept sinn ugeholl ginn an dobäi bleift et och grondsätzlech. D'Grondviraussetzungen, esou wéi et am Traité de base virgesinn ass, ware Solidaritéit a Cohésion politique. Dat bleift et och nach.

Den Här Bausch ass op déi verschidden Theorien agaangen, och op d'Interventiounen hors zone euro-atlantique. Do kann ech nëmme fir d'Lëtzebuerger Regierung soen, an dat hu mer och an deene Milieuë ganz kloer gesot, datt grondsätzlech de Problem net ass fir ausserhalb der Zon ze intervenéieren, well dat hu mer jo gemaach, zum Beispill am Afghanistan, mä wat awer den Elément de base muss sinn, a wat fir eis Conditio sine qua non ass, datt et en internationale Kader ass an deem dat legitiméiert ginn ass. Wann deen do ass, da kann ee sech dat ganz gutt virstellen. Wéi gesot, den Afghanistan ass e Beispill. Am Irak, nodeem am Conseil de Sécurité eng Motioun ugeholl ginn ass, fir och do am Kader vun der Stabiliséierung vun deem Land ze hëllefen, kënnt ee sech dat och virstellen. De Balkan war natierlech nach vill méi e positiivt Beispill.

De Rôle vun der NATO ass a bleift dee vun engem vun de wichtegste Stabilitéitsfacteure fir Europa, a mir kënnen dat nëmmen am Dialog, der Consultatioun an an der Kooperatioun mat eisem transatlantesche Partner maachen. Quitte datt mer an deene leschte Méint, besonnesch opgrond vun deenen Analysen an Theorien, déi no dem 11. September an Amerika opgestallt gi sinn, oft alleguer net hirer Meenung waren a sinn, gëtt et awer nawell keng Alternativ, weder fir Europa nach, géing ech soen, fir Amerika, wéi an där bescht méiglecher Kooperatioun zesummen ze schaffen um militäresche Plang, um sécherheetsméissege Plang, mä och um ekonomeschen an um politesche Plang. An hei kann een eben nëmmen déi Differenzen, déi mer haten, duerch Kollaboratioun an Dialog versichen ofzebauen, well dat, wat eis zesummebréngt a wat eis vereent, ass vill méi grouss wéi dat, wat eis effektiv dividéiert.

Wat eis eent, ass eben eise Wëlle fir zu der Relance économique bäizedroen, ass eise gemeinsame Wëlle fir zu engem Friddensprozess ze kommen, engem deen endlech zum Ofschloss géing kommen am mëttleren Osten, ass eise Wëllen am Kampf géint den Terrorismus, ass awer och eng friddlech an ekonomesch Integratioun vum Balkan, an ass virun allem ze verhënneren, datt et zu Konflikter kënnt, an datt an der Prévention des conflits mer méi effikass ginn a besser ausgeriicht sinn. An do kënnt et net nëmmen op Geld un. Fir nach eng Kéier op déi 2% zréckzekommen: Et ass gewëss wichteg, sech d'Capacitéite ze ginn, mä et geet virun allem awer ëm eng méiglechst effizient Zesummenaarbecht a Kollaboratioun. Datt et do eng Rei gutt Usätz gëtt, dat gesi mer. Den Här Bodry huet dervu geschwat: Berlin Plus. Dir wësst et huet dräi Joer gedauert, mä et ass awer elo do, an ech mengen et erlaabt eis uerdentlech ze schaffen. Dat gëtt engem Courage.

Et bleiwen nach e puer Punkten, an ech hunn déi Punkten natierlech och an deenen Diskussiounen, déi mer an deene leschte Méint mat - eisen amerikanesche Partner haten, gekuckt a mer wäerte se nach weider analyséieren déi nächst Woch. Dir wësst, datt ech d'nächst Woch e Rendez-vous beim Colin Powell hunn. Déi dote Punkte wäerten natierlech och een Haaptdeel vun eisen Diskussioune sinn, grad wéi, an do kommen ech op e méi spezifesche Punkt, deen den Här Bodry opgeworf huet, d'Zukunft vun de WSA-Lager hei zu Lëtzebuerg.

Jo et ass richteg, datt d'Amerikaner un eng Reorganisatioun vun hirer Presenz an Europa nodenken. Dir wësst, datt de General Jones, dee responsabel ass fir do Propositiounen ze maachen, am Fréijoer hei war. Ech hunn en elo zu Madrid nach eng Kéier gesinn an ech menge kënnen ze behaapten, datt hien eng ganz gutt Meenung vun där Aarbecht huet, déi zu Beetebuerg an zu Suessem geleescht gëtt. Ech hoffen nëmmen, datt wann hien am August säi Rapport mécht, datt dat och da säin Niddersch lag an deene Propositioune fënnt. Mä och dat wäert e ganz wichtege Punkt vu mengen Diskussioune sinn, déi ech mam Colin Powell wäert féieren.

Wat d'Zukunft vun der NAMSA ubelaangt, do kënne mer berouegt sinn, déi gesäit gutt aus, well duerch den Elargissement ginn net Aktivitéiten ewechgeholl, au contraire. D'NAMSA schafft jo och fir déi nei Memberen, an de Spektrum vun den Aktivitéitsméiglechkeete gëtt och doduerch méi grouss, datt Länner aus dem Kaukasus an Zentralasien och dorënner falen. Also brauche mer eis fir d'Weiderschaffe vun der NAMSA net ze vill Suergen ze maachen. Mir hunn och nach ni vun där Säit iergendwéi Kriticken oder Doléancë kritt.

Den Här Jaerling huet gefrot, wéi mer et géingen hale mat der Cour pénale internationale. Ech kann em do nëmme versécheren, op alles wat ech hunn, datt mer bei där Positioun bleiwen déi mer haten. Well d'Impunitéit vis-à-vis vu Kriminellen, egal vu wou se hierkommen, dierf net sinn. Dat war eis Haltung an dat bleift och eis Haltung.

Voilà, ech mengen ech sinn op déi wichtegst Punkten agaangen. Vläicht nach ee Wuert zu eise Relatiounen, well dat dierf een awer net ënnerschätzen, mat Russland am Kader ebe vun dem NATO-Elargissement, e ganz wichtege Facteur. Mer wëssen alleguerten heibannen, dass Russland alles anescht wéi begeeschtert war vun der Expansioun vun der NATO no Osten. D'NATO gëtt nämlech bei der russescher Populatioun nach ëmmer mat engem gewëssenen Zécken zur Kenntnis geholl, mä déi Ängschte musse mer och ganz einfach eescht huelen. Et huet kee Wäert déi ze verstoppen, déi sinn do. Mä au contraire, d'NATO muss se eescht huelen an eben an dem Dialog versichen hinnen ze verstoen ze ginn, an dat hu mer och mengen ech gepackt, datt d'NATO net méi fir si eng Gefor ass, mä au contraire méi Stabilitéit un hir Grenze bréngt, un d'russesch Grenze bréngt. Dofir ass Russland jo zum strategesche Partner vun der NATO gemaach ginn an an deem Sënn konnt jo och am leschte Joer deen Ofschloss vun deenen Diskussioune geféiert ginn. A mat Zefriddenheet stelle mer haut fest, dass Russland säin Discours par rapport zu dem NATO-Elargissement wierklech staark ofgeschwächt huet. Wann ech mech nach drun erënneren, wat mäin Homolog, den Här Ivanov, virun zwee Joer doriwwer gesot huet a wat en dëst Joer sot wéi en hei zu Lëtzebuerg war, da spiert een datt hei munches geschitt ass an dat ass nëmme positiv an dat kann nëmmen zu méi enger grousser Sécherheet an Europa an an der Welt bäidroen. Russland ass do e wichtege Partner an ech mengen, hei huet d'NATO déi richteg Schrëtt an deem Kontext gemaach.

Voilà, no deene puer Prezisiounen, wéi gesot, sinn ech nach eng Kéier frou, datt déi Ratifikatioun hei op déi Unanimitéit stéisst, déi de Mëtten hei zum Ausdrock komm ass, a mir gehéieren domat zu engem vun deenen éischte Länner, déi déi Ratifikatioun maachen, an domat gëtt d'Wichtegkeet, déi mer der Sécherheet an der Stabilitéit an Europa bäimoossen, nëmmen nach vun eis alleguerten ënnerstrach, an ech mengen dat ass hei wuel ubruecht.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vun deene siwe Projeten. All Projet muss eenzel ofgestëmmt ginn.

Mir maachen elo d'Lecture vum Text vum Projet de loi 5136.

***Lecture du texte du projet de loi 5136 (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen of iwwer den NATO-Bäitrëtt vu Bulgarien.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 5136 et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Agny Durdu), Alexandre Krieps (par Mme Simone Beissel), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen (par M. Jean-Pierre Koepp), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer un de Projet de loi 5137.

***Lecture du texte du projet de loi 5137 (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of iwwert den NATO-Bäitrëtt vun Estland.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 5137 et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps (par M. Jean-Paul Rippinger), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jean Asselborn), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen (par M. Jean-Pierre Koepp), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zum Projet de loi 5138.

***Lecture du texte du projet de loi 5138 (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

***(Interruption)***

Neen, mir kënnen dat net matenee maachen. All eenzel Memberschaft ass een eegent Gesetz.

***(Interruption)***

Da kréiche mer ee Rüffel. Da géif et net a Kraaft kënnen trieden.

D'Ofstëmme fänkt un iwwert d'Memberschaft vu Lettland.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 5138 et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jean Asselborn), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen (par M. Jean-Pierre Koepp), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer un de Projet de loi 5139.

***Lecture du texte du projet de loi 5139 (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert d'Memberschaft vu Litauen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 5139 et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Agny Durdu), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Marc Zanussi), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dann huele mer elo de Projet de loi 5140.

***Lecture du texte du projet de loi 5140 (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of iwwert d'NATO-Mitgliedschaft vu Rumänien.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 5140 et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps (par M. Théo Stendebach), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert - Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zum Projet de loi 5141.

***Lecture du texte du projet de loi 5141 (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of iwwert d'NATO-Mitgliedschaft vun der Slowakei.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 5141 et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Théo Stendebach), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jean Asselborn), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Marc Zanussi), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zum leschte Projet, dat ass den 5142.

***Lecture du texte du projet de loi 5142 (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

D'Ofstëmmen iwwert d'NATO-Mitgliedschaft vu Slowenien fänkt un.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 5142 et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jean-Paul Rippinger), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jean Asselborn), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Marc Zanussi), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Diskussioun vum Projet de loi 4929 iwwert d'Kläranlagen.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Loes, Wohlfart, Calmes, Koepp, Gira a Graas. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marco Schank.

## 2. 4929 - Projet de loi autorisant l'Etat à participer au financement des travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées générées par les localités regroupées autour du lac de la Haute-Sûre

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures***

M. Marco Schank *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 20. Mäerz 2002 huet de Minister vum Intérieur de Projet de loi 4929 déposéiert. Den éischten Avis vum Statsrot koum de 4. Juni datselwecht Joer. Nodeem eis Kommissioun dëse Projet examinéiert hat, huet missen een Amendement nogereecht ginn, well de Projet op verschiddene Punkten ofgeännert gouf, respektiv der Käschtenevolutioun huet misse Rechnung gedroe ginn. Den 1. Juni dëst Joer ass dëse Projet an der Intérieurskommissioun eestëmmeg guttgeheescht ginn.

Den Objet vun dësem Projet ass d'Sanéiere vum Ofwaasser aus der Regioun an den Uertschafte ronderëm de Stauséi vun der Öewersauer, dat Ganzt mat engem Réseau vu Kollekteren an enger grousser performanter Kläranlag am Heischtergronn.

Firwat ass dësen zesummenhängende Projet esou wichteg? Ganz einfach, well mer hei an enger Regioun sinn, an där sech dee wichtegsten Drénkwaasserréservoir vu Lëtzebuerg befënnt.

Ech erënnere kuerz drun, datt duerch de Bau vum Barrage vun Esch-Sauer Enn de 50er Joren d'Viraussetzung geschafe gouf, fir eng grouss Sécherheet a puncto stänneg Verfügbarkeet vun Drénkwaasser zu Lëtzebuerg ze garantéieren, et ass also e Séi entstane mat engem Faassungsverméige vu knapps 60.000.000 $m^3$ Waasserinhalt.

Nieft der Drénkwaasserproduktioun huet de Séi natierlech nach aner Funktiounen, wéi d'Reguléiere vun der Sauer am Zesummenhang mam Héichwaasser, d'Produktioun vu Stroum, oder de Séi haut als e ganz wichtege Créneau als Fräizäitgebitt an enger touristescher Regioun, mä dat ass net de Sujet vun haut de Mëtteg.

Vläicht kuerz e Wuert zum SEBES - eis Drénkwaasseropbereedungsanlag, de Syndikat vun Esch-Sauer -, deen a Spëtzemomenter 80.000 $m^3$ Drénkwaasser pro Dag produzéiert, maximal esouguer bis op 120.000 $m^3$ kann eropgoen. Ronn 45.000.000 $m^3$ Drénkwaasser ginn all Joer zu Lëtzebuerg konsuméiert. Dovu kommen normal circa 14 bis 15 Millioune $m^3$ vum SEBES am Summer, also een Drëttel vum ganze Konsum zu Lëtzebuerg. Am Summer kann déi Produktioun esouguer op d'Halschent, an nach méi wéi d'Halschent vis-à-vis vun där grousser nationaler Demande eropgoen.

Natierlech ass an deene leschten 30 Joer d'Konzentratioun vu Stickstoff a Phosphor, also vun Nitrat am Waasser stänneg eropgaangen. Déi lescht puer Joer stellt een éischter eng Stagnatioun fest, obwuel ganz grouss Schwankunge sinn am Laf vun de Méint, vun de Joren. Zum Beispill d'lescht Joer, hunn ech mer soe gelooss, ware Schwankungen tëschent 11 a 25 mg Nitrat pro Liter.

Ech wëll am Kontext vum Schutz vun enger sensibeler Regioun, also opgrond vun där nationaler Drénkwaasseropbereedung, op dëser Plaz op déi offiziell Créatioun vum Naturpark Öewersauer 1999 hiweisen. Als Instrument vun der Landesplanung, an och als Motor vu regionaler Entwécklung, huet den Naturpark ganz kloer Objektiver am Kontext konkreten Ëmwelt-, Natur- a Waasserschutz.

Duerch den Naturpark sinn natierlech och eng Partie landwirtschaftlech an touristesch Projeten entstanen, wéi och Produiten, déi no ekologesche Kritäre konzipéiert ginn, wat um Terrain ënner anerem konkrete Waasserschutz bedeit.

A well mer scho beim Gemengesyndikat vum Naturpark sinn, wëll ech drun erënneren a mäi Kolleeg Nico Loes wäert dat méi detailléiert soen, datt et eis Gemengen douewe waren, déi sech ëmmer erëm staark gemaach hu fir méiglechst séier zu engem zesummenhängenden Assainissement an der Stauséiregioun ze kommen.

An deem Kontext wollt ech och drop hiweisen, datt dëse Projet net nëmmen ee Méi u Waasserschutz um Stauséi bedeit, an och net nëmmen eng lokal Mesure sanitaire duerstellt. Dëse Projet huet ganz däitlech eng national Bedeitung, eben duerch deen, wéi ech scho gesot hunn, nationalen Drénkwaasserréservoir um Stauséi, deen, wa mer en net hätten, eigentlech séier misste schafen, a wa mer en net hätten, wier et vläicht haut immens schwéier fir en nach eng Kéier ze kréien.

Natierlech sinn tëschent 1961 an haut och eng ganz Partie vu Kläranlagen entstanen. Et ass net, wéi wa mer keng Kläranlagen an där Regioun hätten, well net manner wéi néng biologesch Kläranlage sinn an där Zäit gebaut ginn, plus déi grenziwwerschreidend Anlag vu Roumicht-Maartel, déi 85% vun der Charge polluante, déi aus der Belsch kënnt, traitéiert.

D'Iddi fir d'Ofwaasser vun den Uertschafte ronderëm de Séi an enger eenzeger Kläranlag zesummenzeféieren ass scho bei enger Etüd 1976 entstanen, déi berühmt Etüd Hollinger. Wéi de Séi Enn den 80er, Ufanks den 90er Joren eidel gemaach gouf, ass sech un déi Iddi erënnert ginn, fir dann och drop zréckzekommen, an no an no sinn eng 20 potentiell Siten analyséiert gi fir d'Kläranlag selwer, fir sech dann definitiv op e Standuert am Heischtergronn ze eenegen, ee Standuert wou ech mengen, datt den estheteschen an och ekologeschen Impakt op d'Landschaft an d'Natur esou kleng wéi méiglech ka gehale ginn.

D'Ofwaasser gëtt also ronderëm de Séi gesammelt a gëtt duerno iwwer e Kollekterréseau an eng performant Kläranlag transportéiert. Dëse System brëngt natierlech mat sech, datt eng Partie vun Iwwerlafbecke musse gebaut ginn, fir eng Pollutioun vum Séi, wann elo vill Ree fält, bei engem Wieder zum Beispill, ze évitéieren.

Déi wichtegst Atoutë vun dëser Formule vun enger grousser Kläranlag si keng Leitungen duerch de Séi selwer. Déi Séileitung, déi am Ufank geplangt war, brauch net gebaut ze ginn, wat méi Sécuritéit bedeit. Déi direkt Evakuatioun vum Ofwaasser ausserhalb vum Bassin versant gëtt doduerch méiglech, manner Pompelstatiounen a méi Conduites gravitaires, déi manner ufälleg sinn, den Assainissement vu méiglechst villen Uertschafte ronderëm de Séi, an d'Méiglechkeet de Projet an Etappen ze realiséieren.

Insgesamt läit d'Spëtzt vun der Charge polluante bei 12.000 Einwohner-Gleichwerten. D'Kläranlag selwer gëtt eng ganz performant Ariichtung mat Equipementer fir eng effikass Dénitrificatioun, eng biologesch a chemesch Phospatfällung, an och enger Desinfektioun mat UV-Strahlen.

D'Käschte fir d'Kläranlag belafe sech op ronn 14 Milliounen Euro. Interessant ass nach vläicht ze soen, datt déi wichtegst Unitéiten am Circuit vun där Kläranlag duebel ausgeluecht sinn. Dat ass wichteg wann en Accident eventuell géing geschéien, datt keng Pollutioun an d'Sauer iwwergeet, een Ëmstand deen d'Fëscher aus deem Eck wäert interesséieren.

De Réseau vu Kollektere concernéiert net manner wéi aacht Gemengen: Bauschelt, Esch-Sauer, Géisdref, Heischent, d'Stauséigemeng, Néngsen, Wal a Rammerech. Net manner wéi 32 Lokalitéiten a Sitë si betraff mat ëmmerhi 56 Kilometer Ofwaasserleitungen, déi gebaut ginn. Derbäi kommen dann nach 25 Pompelstatiounen an 20 Bassins d'orage. Dee ganze Réseau gëtt iwweregens a fënnef Tronçonen opgedeelt a soll ronn 32 Milliounen Euro kaschten.

D'Envergure vun den Aarbechten ass ëmmerhin esou grouss, datt ronn zéng Joer virgesi goufe fir de Projet definitiv ze finaliséieren. Ech weisen awer drop hin, datt am Ufank déi gréissten Investissementer wäerte geschéien, fir datt d'Aarbechten um Kollekter an un der Kläranlag gläichzäiteg sollen ulafen.

Ech wollt dann och nach soen, datt d'Kollekteraarbechte vun der Rive Sud an der Rive Nord vun enger staatlecher Hëllef vun 100% profitéiere wäerten, respektiv d'Bassins d'orage vu Kauneref a Bitscht, d'Kollektere vu Kéiber, Heischent, Boukels an Nacher zu 90% subsidiéiert ginn.

A wa mer scho vu Sue schwätzen, wëll ech nach drop hiweisen, datt dëse Projet ursprünglech mat 46 Milliounen Euro veranschlaagt war, an duerch en Amendement vum 9. Abrëll dëst Joer ass dës Estimatioun awer op 59 Milliounen Euro eropgesat ginn.

Vereenzelt Kriticke sinn dann opgetaucht, well de Site vun der Kläranlag am Heischtergronn, an enger Regioun vun Natur-2000-Gebidder géif leien. D'Kommissioun huet awer gemengt, datt grad duerch dës performant Kläranlag eent vun de prioritären Ziler vun där Direktiv, nämlech d'Verbesserung vun der Waasserqualitéit erreecht gëtt.

Ee Punkt, deen ech och nach kuerz wollt sträifen, ass deen, datt ee groussen Deel vun der Charge polluante, déi mer am Stauséi erëmfannen, aus der Belsch kënnt, well de gréissten Deel vum Bassin versant vun der Sauer, vum Stauséi aus gekuckt, nämlech 61%, sech op belschem Territoire befënnt. An dësem Kontext hunn ech jo schonns déi grenziwwerschreidend Kläranlag zu Maartel ernimmt. Eng aner interessant Initiativ ass déi vun engem Interreg-Projet vun deem nei geschafene Parc naturel Haute-Sûre Forêt d'Anlier mat dem Naturpark vun der Öewersauer zesummen, deen do gemeinsam realiséiert gëtt. An deem Projet gëtt probéiert déi belsch Gemengen ze sensibiliséieren, zesumme mat hirer Regioun verstäerkt Ofwaasser ze sanéieren. Iwwer 40% vun den Haiser sinn iwwregens op där Säit nach mat Fosses septiques équipéiert.

Op der Lëtzebuerger Säit entsteet e Projet EauTomobile, also e Waassermobil, e Projet, dee geduecht ass fir Sensibiliséierung ze maache bei de Leit dobaussen, bei Schoulklassen, bei jonke Leit awer och bei Touristen.

Här President, op dëse Projet ass laang gewaart gi vun de Gemengen aus der Stauséiregioun. Mäi Merci geet un déi Responsabel vun dem Waasserwirtschaftsamt, vum Ministère, och u meng Kolleeginnen a Kolleegen aus der Intérieurskommissioun a virun allem och un déi Verantwortlech vum SIDEN. De SIDEN figuréiert als Maître d'ouvrage a wäert spéider dësen ambitiéise Projet géréieren.

Deemno géif ech d'Chamber bieden, dësem wichtege Projet fir d'Stauséiregioun zouzestëmmen. Ech soen Iech merci.

M. Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Nico Loes *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'éischt wéilt ech dem Rapporteur merci soe fir säi schréftlechen an och säi mëndleche Rapport zu dësem Gesetzesprojet.

Och wann dëse Projet iwwert d'Sanéierung vum Stauséi vun Esch-Sauer d'lescht Joer am Mäerz hei an der Chamber déposéiert ginn ass, esou huet en awer scho seng Originen am Joer 1976, wou fir d'éischt iwwer eng zentral Kläranlag ënnert der Staumauer diskutéiert ginn ass. Mä wéi bei all gréisserem Projet huet et deemno Jorzéngte gedauert bis mer dann elo endlech iwwert dësen esou wichtege Projet kënnen ofstëmmen.

Och wëll ech hei ënnersträichen, datt dëse Projet net nëmmen eng lokal oder regional Bedeitung huet, mä eng imminent national Importenz, geet et dach drëm eisen nationalen Drénkwaasserreservoir ze schützen. De Stauséi vun Esch-Sauer ass eng sou genannt Mehrzwecktalsperre mat folgende Funktiounen:

Éischtens d'Produktioun vun Drénkwaasser duerch de SEBES, mat enger Produktiounskapassitéit vun 30.000 bis 80.000 $m^3$ den Dag, wat an de Summerméint bal zwee Drëttel vum Waasserverbrauch vum Land ausmécht. Zweetens d'Produktioun vu Spëtzestroum. Drëttens d'Offlossreguléierung vun der Sauer a véiertens Fräizäitaktivitéiten um Waasser. All dës Funktioune beweise wéi wichteg de Stauséi fir eist Land ass, an dat virun allem am Kontext vun der Drénkwaasseropbereedung.

Et ass a mengen Aen dofir ëmsou méi erstaunlech, datt mer grad a puncto Waasserrengegung ëm de Stau esou eng laang Zäit gebraucht hu bis mer dat hei zustane kritt hunn.

Et ass awer richteg, datt am Joer 1964 zu Ënsber, Léifreg a Béiwen dräi biologesch Kläranlage gebaut goufen an duerno nach eng Kéier sechs weider Statiounen. Dofir ass et och vu grousser Wichtegkeet fir d'Stauséiregioun an och fir den Norde vum Land, datt 1994 mat dem Ofwaassersyndikat SIDEN nei Impulser an domat och neien Driff an d'Ofwaassersanéierung vum Norde koum.

Här President, Dir Dammen, Dir Häre, op déi technesch Aspekter vum Projet wëll ech elo net méi hei agoen. Déi goufen in extenso vum Rapporteur ernimmt. Ech bréngen awer den Accord vu menger Fraktioun, an ech selwer, grad esou wéi meng Fraktiounskolleegen, sinn iwwerzeegt, datt dëst e ganz wichtege Projet ass, deen esou séier wéi méiglech muss realiséiert ginn.

Ech hu mech awer an deene leschten Deeg e bësse méi intensiv mam Projet ausernee gesat, well et jo och am Intérêt vun de Gemenge ronderëm de Séi ass, wou dann och meng eege Gemeng dovu concernéiert ass. Dofir erlaabt mer e puer Bemierkungen ze maachen, déi mir wichteg schéngen, fir datt ee se soll ernimmen.

De Projet, dee mer haut hei virleien hunn, ass net deen, deen de Bauhär am Fong geholl, de SIDEN, ausgeschafft hat an deen och vun de Gemengen esou approuvéiert gi war, mä et sinn eng Partie Infrastrukturen an Investissementer vum initiale Projet gestrach ginn, op déi ech nach wollt agoen. Ech mengen, no dëser Phas ass och net méi mam SIDEN doriwwer Récksprooch geholl ginn.

Déi reell Käschte vum genehmegte Projet vun de Gemengen hu sech op 64,9 Millioune belaf. Dat ware 45,4 Millioune fir d'Leitungsnetz an 19,5 Millioune fir d'Kläranlag. Deen errechenten Undeel vum Stat huet sech dobäi op 61,3 Milliounen Euro an de Gemengenundeel op 3,6 Milliounen Euro belaf. Deen Dossier, dee mer an der Chamber elo virgeluecht kruten, dee beleeft sech op 62,3 Milliounen, dovu 44,5 Millioune fir d'Leitungen a 17,7 Millioune fir d'Kläranlag. Deen am Gesetz virgesinnene Bäitrag vum errechenten Undeel vum Stat, dat heescht d'Leitungen an d'Kläranlag, beleeft sech op 42,7 + 16,2 = 59 Milliounen Euro. De Reschtbetrag fir d'Gemengen ass deemno dann nach 3,3 Milliounen, an zwar 1,7 Millioune fir de Réseau an ongeféier 1,5 Millioune fir d'Kläranlag.

Wann een dat awer elo mat deem éischte Projet vergläicht, deen eragereecht gi war, dann ass d'Differenz 64,9 minus déi 59, da bleiwe 5,9 Millioune fir d'Gemengen an net 3,3 Milliounen Euro. Dat bedeit an deem Fall, datt dann eng Steigerung vu 65% op eis zoukënnt an do feelen dann déi 2,5 Milliounen Euro, wann déi herno senger Liewen nach eng Kéier musse gebaut ginn. Dat bedeit dann awer erëm eng Mehrausgab fir déi 2.800 Awunner, déi do wunnen, an dat mécht bal 900 Euro op de Kapp aus. Dat si 36.000 al Frangen.

Ech si mer och bewosst, datt et a kengem Land esou eng grouss Participatioun vum Stat gëtt, dat heescht, datt se néierens esou héich ass wéi hei, mä well d'Haut engem méi no ass wéi d'Hiem wollt ech awer dofir plädéieren, datt dee Projet hei vläicht eng Kéier soll iwwerkuckt ginn an eis Regioun och da vläicht richteg a gerecht behandelt gi soll.

Deemno muss een och kucken, nach eng Kéier mat dem SIDEN zesummen, wéi eng déi verschidde Poste sinn, déi aus dem initiale Projet gestrach goufen, a wat fir en indirekten Impakt si herno op den Devis hunn an domat op de Montant vun der Statsbedeelegung.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ouni wëllen an den Detail ze goen, wollt ech awer e puer Beispiller opzielen, wéi den initiale Projet reduzéiert ginn ass. Déi automatesch Steierung an d'Miessgeräter vun der Anlag, déi d'Garantie fir dee beschtméigleche Rendement vun der Waasserrengegung brëngen an en intelligente Lien tëschent deem 56 Kilometer laange Sammelnetz mat senge 25 Pompelstatiounen an 20 Reebecken duerchstellen, goufe gestrach. D'Valeur heivun ass ëmmerhin 100.000 Euro.

D'Fotovoltaik, déi am Summer sollt dozou dénge fir d'stroumträchteg UV-Entkeimung - déi éischt iwwregens hei am Land - ëmweltgerecht ze bedreiwen, an an deem Sënn vun der Regierung hirer Energie- an Ëmweltpolitik nohalteg ageplangt gi war, ass och gestrach ginn an ech kann dat och net esou akzeptéieren, well déi héich Stroumkäschte vun der drëtter Rengegungsstuf, déi nëmmen duerch d'Presenz vun der SEBES-Drénkwaasserproduktioun verursaacht ginn, gi voll zu Laaschte vun deene puer Gemenge ronderëm de Stau. Bei dësem Poste sinn 290.000 Euro gestrach ginn.

Datselwecht geschitt mat dem Geschir, wat fir d'Bedreiwen an den Ënnerhalt vun der Kläranlag noutwendeg ass. Bei anere Projete goufe bis elo ëmmer déi éischt Equipementer matgeliwwert, well ouni de richtegen Equipement muss ee sech d'Fro stellen, ob déi kriddelech an deier Installatioune ronderëm de Stauséi fachgerecht kënnen ënnerhale ginn.

Dann ass och nach de Volet vun der Dokumentatioun an Öffentlechkeetsaarbecht, deen an engem éischte Projet virgesi war, erausgeholl ginn. Menger Meenung no ass et awer och äusserst wichteg, datt mir am Kader vun enger geziilter Ëmwelt- a Waasserschutzpolitik nei Weeër ginn. Dat gëllt och fir de SEBES, dee sech menger Meenung no méi ëm e preventive Waasserschutz misst këmmeren. Wann ee gesäit wéi vill Oppositioun aus Informatiounsmangel bis elo géint dëse Projet komm ass, da schéngt et mir awer wichteg, datt mir de Public iwwer esou liewenswichteg Projete mussen informéieren an och dofir musse sensibiliséieren.

Zousätzlech Studie vun der Kläranlag, déi vun de Statsservicer gefrot goufen, sollte wéi ofgemaach zu 100% vum Stat iwwerholl ginn, wat awer och net de Fall ass.

Am Verglach mat der Kläranlag vu Maartel, déi jo virun allem och wéinst dem Stauséi gebaut ginn ass, huet sech de Stat verpflicht déi zousätzlech Onkäschten, déi souwuel duerch de Bau wéi duerch d'Bedreiwe vun der Phosphatéliminatioun entstinn, komplett - also zu 100% - ze iwwerhuelen.

Am Heischtergronn iwwerhëlt de Stat 90% vun de Baukäschten an 0% vun de Fonctionnementskäschten. A mengen Aen ass dat ongerecht, wann ee bedenkt, datt d'Bedreiwe vun där super Kläranlag am Heischtergronn nëmme wéinst dem Stauséi iwwerproportional héich Fonctionnementskäschten huet. Well de Stat hei net participéiert, ginn och déi méi héich Onkäschte voll zu Laaschte vun de Stauséigemengen.

Ech denken, datt mir d'accord sinn, datt een dat esou net kann akzeptéieren, an datt mir ronderëm de Stauséi dës Käschten net eleng kënnen droen, fir datt de Rescht vum Land gutt a wa méiglech och nach bëllegt Drénkwaasser kritt.

Hei muss de Stat sech un de Betribskäschte vun der Stauséiofwaasserrengegung bedeelegen an zwar an där Proportioun, déi iwwert eng normal Kläranlag erausgeet. Wat zu Maartel méiglech ass, misst jo och am Heischtergronn goen.

Och muss ee bemierken, datt ronn zwee Drëttel vum Anzugsgebitt vum Stauséi an der Belsch leien. Zënter 1961 besti Schutzzonen, déi d'Aktivitéiten an an um Stauséi regelen. An dësem Kontext wollt ech och erënneren, datt dofir verschidde Gemengen an hiren Dierfer e Baustopp octroyéiert kruten. Wéi zum Beispill Ënsber, Léifreg, Béiwen. Deemno kann et net sinn, datt grad just dës Gemengen elo erëm eng Kéier déi zousätzlech Betribskäschte vun där neier Kläranlag voll mussen droen.

Ech wollt nach ënnersträichen, datt et mir an eis net egal ass, ob mir eis eiser Verantwortung entzéien oder net, wat d'Ofwaasserrengegung ubelaangt. Als deemolege President vum SICOPAN hat ech selwer op d'Wichtegkeet vun dëser Aufgab higewisen an hat zesumme mat de Responsabele vum SEBES eng Réunioun ageruff, fir d'Gemengen aus dem Naturpark dozou ze beweegen, dësem wichtegen Ofwaassersyndikat bäizetrieden, wat dann och geschitt ass, well et ka jo och net sinn, datt mir d'Ofwaasser aus eiser Regioun op d'Bleesbréck zou lafe loossen, an da kënnen déi aner Leit sech domadder rëmklappen. Deemno muss am Fall vun de Betribskäschte vun der Kläranlag d'Solidaritéit och fir d'Stauséiregioun spillen.

Des Weidere muss awer och gesot ginn, datt d'Rengegung vum Schmotzwaasser d'Problemer vun der Sauer nach laang net alleguer léist. Dee schwaache Fëschbestand an der Sauer ass deelweis och op eng onekologesch Bewirtschaftung vun der Staumauer zréckzefëieren. Den Tourbinage däerf net nëmmen no Spëtzestroumiwwerleeunge bedriwwe ginn, mä och hei misste méi Ëmweltkritäre matspillen. A mengen A misst de Stat, wann hien elo iwwer 60 Millioune Frang an d'Ofwaasserklärung investéiert, och parallell iwwert déi Virschrëften, wat d'hydraulesch Belaaschtung vun der Sauer hannert dem Barrage ubetrëfft, nodenken.

Fir d'SEO an d'CEGEDEL, déi jo och eng wichteg Roll a puncto ekologesch Stroumproduktioun ustriewen, däerft dat kee Problem sinn. An dësem Sënn missten déi implizéiert Acteuren a puncto Waasser, Energie, Ëmwelt sech eng Kéier un een Dësch setzen, fir dës Problematik gemeinsam unzegoen. Ech denken, datt do och den Naturpark zesumme mam SEBES, mat der CEGEDEL a mam SIDEN dat misst maachen.

Ee Wuert nach zur Bauzäit - de Rapporteur war och do drop agaangen -, wou op d'mannst zéng Joer virgesi sinn. Och wann een d'Planungszäit vun 1976 mat urechent, da gesäit een, datt mir eis och onbedéngt eppes mussen a puncto Timing vun esou Projeten afale loossen. Well, wann ee Projet no villem Hin an Hier endlech sprochräif ass, dann ass en technesch dacks vereelst a vum finanzielle Standpunkt hier och iwwerholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dëse vläicht méi kriteschen Äusserungen a Feststellungen géif ech als Konklusioun festhalen, datt de Projet, wéi en elo virläit, esou séier wéi méiglech soll gestëmmt ginn, fir datt esou schnell wéi méiglech ka mat de Bauaarbechten ugefaange ginn. Et misst een awer och festhalen, datt duerch spéider Méikäschten, déi mat Sécherheet bei engem Projet vun esou enger Envergure optrieden, de Montant vun der Enveloppe budgétaire, wou de Stat derfir opkënnt, nach eemol am Interessi vun de Stauséigemenge misst revidéiert ginn, an datt och d'Bedeelegung vum Stat un de Bedreiweronkäschte muss mat an d'A gefaasst ginn, esou wéi dat och op anere Plazen de Fall ass. Well déi concernéiert Gemenge ronderëm de Séi kënnen dës Käschten onméiglech eleng droen. Domat géif ech vu mir aus nach eng Kéier froen, fir dee Projet ze stëmmen.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Georges Wohlfart agedroen. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

M. Georges Wohlfart *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi ausféierlech Kommentare vum honorabele Rapporteur, dem Här Marco Schank, a vu mengem Virriedner, wat den Historik ugeet an déi technesch Detailer vun deene verschiddenen Anlagen, déi elo gebaut ginn am Intérêt net nëmme vun de Stauseegemengen, wéi si et och scho selwer hei ënnerstrach hunn, an hir Bemierkungen zu de finanziellen Nowéien, déi dëse Projet wäert mat sech brénge fir déi Stauseegemengen, wann en herno richteg fonctionnéiert, erlaben et mir, mech méi kuerz ze faassen. Dat meescht ass zu dësem Projet gesot.

Här President, erlaabt mer awer dräi Remarquen ze maachen. De Käschtepunkt mat 59 Milliounen Euro ass sonner Zweifel eng stolz Zomm, mä wann ee bedenkt, dass de Stausee - dat ass och schonn op der Tribün hei ënnerstrach ginn - an de Spëtzenzäiten am Summer bis zu zwee Drëttel vun de Waasserbedürfnisser vun eisem Land deckt, an esou d'Waasserversuergung ofgeséchert ass, da wësse mer och, dass mer et hei mat engem Projet ze dinn hunn, dee wäit iwwert den Intérêt vun de Stauseegemengen an dem Naturpark Öewersauer erausgeet an eng national Bedeitung huet. Dofir ass et och ganz wichteg, dass mer dee Projet stëmmen, och mat där Enveloppe budgétaire, déi 59 Milliounen Euro bedréit.

Eng zweet Remarque betrëfft d'Dauer vun den Aarbechten. Mer hunn eis an der Kommissioun och doriwwer ënnerhalen. Och wa mer de Wonsch ausgedréckt hunn, an och haut op der Tribün et nach eng Kéier maachen, dass déi wichtegst Investitioun, dat heescht d'Kläranlag selwer an dann déi Kollektere vun deene gréisseren Uertschaften esou schnell wéi méiglech an der Ufanksphas solle realiséiert ginn, schéngt et mir awer dach eng relativ laang Zäit. Ech hu meng Bedenken.

Am Rapport steet, dass déi Aarbechte sollen dauere vun 2003 bis 2012. Ech wëll drun erënneren, dass mer elo schonn am Juli vun dësem Joer sinn an d'Ausschreiwungen nach musse getätegt ginn. A wa mer d'Délaie kennen, déi mer bei den Ausschreiwungen hunn, an eventuell e Recours vun där enger oder anerer Entreprise bei dësen Ausschreiwunge kënnt, da froen ech mech, ob mer dëst Joer nach ukommen oder direkt Retard kréien, an eréischt am Fréijoer d'nächst Joer ukommen. Mä dat ass eng Bemierkung, déi méi niewesächlech ass. Ech hätt mer gewënscht, dass mer hätte kënnen op der Zäitachs dee Projet méi schnell realiséieren; wichteg ass et awer, dass mer en op d'Schinn kréien.

Eng lescht Remarque, an och dat ass schonn ugeschnidde ginn, betrëfft de Problem, dee mer mat eise belschen Noperen hunn, well zwee Drëttel vum Waasser, dat an de Stau kënnt, kommen aus der Belsch eran, an aus deene Grënn, déi jo och de Rapporteur duergeluecht huet, musse mer versichen eng Léisung mat eise belschen Noperen ze fannen. Dat war jo och méiglech bei der Realisatioun vun der Kläranlag zu Maarteleng 1996. Esou eng grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht musse mer och hei an d'A faassen.

An da wollt ech nach just vum Här Innenminister wëssen, wat fir aner Projeten an nächster Zäit sprochräif sinn, wéi wäit se op der Zäitachs viru gedriwwe sinn, déi mer nach brauche fir zu Lëtzebuerg deen Niveau u Waasserentsuergung kënnen ze erreechen, dee mer eis alleguer virgestallt hunn, a wéini dass hien denkt aner Projeten an der Chamber kënnen ze deponéieren.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bréngen ech selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ofwaasserklärung misst a sech eng evident Aufgab vun de Gemengen, déi vum Stat ënnerstëtzt ginn, sinn. D'Gesetzer gesinn dat och esou vir, mä an der Praxis musse mer awer leider feststellen, datt mer eis munchmol hei zu Lëtzebuerg nach relativ schwéier dinn.

A wann ech emol mäi Bezirk huelen, muss ech feststellen, datt et do relativ schlecht ausgesäit, well e gudde Bioindikator vun der Gewässerqualitéit ass nach wie vor de Fëschbestand. Besonnesch am Süde vum Land muss ee leider feststellen, datt eng Rei vu Baachen a Flëss a kengem gudden Zoustand sinn. Déi Retarden an der Ofwaasserklärung gesi mer och nach op anere Plazen am Land. Ech wëll drun erënneren, datt op der Musel een nach ëmmer muss laang siche fir eng Kläranlag ze fannen, an et fënnt een nach ëmmer keng. Da gëtt et och nach eng Rei aner Defiziter queescht duerch d'Land, besonnesch wat den Norden ubelaangt, obwuel een d'Situatioun am Norden net direkt ka mam Rescht vum Land vergläichen, well d'Belaaschtung vun de Waasserleef am Norden éischter duerch häuslech ongekläerten

Ofwässer bedéngt ass wéi duerch industriell Ofwässer, a well och d'Landwirtschaft eng gewësse Roll do spillt.

Dee Projet, dee mer haut diskutéieren, an dat ass schonn e puermol hei vun de Virriedner ugeschwat ginn, huet natierlech net eng lokal, net eng regional Bedeitung, mä huet ganz kloer eng national Bedeitung, well et geet nämlech ëm d'Protektioun vun dem nationalen Drénkwaasserreservoir. Do sinn an de leschte Joren ouni Zweifel schonn eng Rei vun Efforte gemaach ginn. Ech denken un de Bau vun der Maartelenger Kläranlag. Mä loosse mer eis näischt virmaachen, dee Schrëtt, dee mer haut ënnerhuelen, deen ass längst iwwerfälleg. Et huet ee leider missen an all deene Jore feststellen, datt et eng Rei vun Defiziter ronderëm de Stausee gi sinn, wat d'Ofwässerklärung ubelaangt.

Am Virfeld vun der Diskussioun vun dësem Projet sinn et natierlech och kritesch Téin ginn, virun allem wat de Site ubelaangt. Déi kritesch Iwwerleeunge sinn och net ganz verflunn. Et soll een och hei sech net der Illusioun hi ginn, mir hätten deen allerbeschte Site hei zréckbehalen, obwuel een awer och fairerweis muss ënnersträichen, datt et aus techneschen Ursaachen, och aus enger Rei vun aneren Ursaachen, net esou evident ass fir aner Siten ze detektéieren. Virun allem natierlech déi Baachpiechter, déi direkt hir Lousen ënnert dem geplangtene Site hunn, haten eng Rei vu Befierchtunge geäussert, obwuel een awer och do muss soen, datt jo eng Etüd gemaach ginn ass vun der Uni vu Kaiserslautern, déi u sech de gréissten Deel vun deene Befierchtungen elo éliminéiert huet.

Et muss een dann och hei ënnersträichen, datt jo zousätzlech technesch Efforte gemaach gi fir eben de Maximum un Ofwaasserklärunge kënnen adequat ze maachen. Ech denken un déi UV-Bestrahlung, déi wéi gesot do elo mat virgesinn ass. Et muss een awer op där anerer Säit och Verständnis fir déi Leit hunn, déi do der Fëscherei noginn; ech wëll awer en passant hei soen, datt déi Fëschereilousen do tëschent 8.000 an 10.000 Euro d'Joer kaschten, wat also och näischt Klenges ass. Besonnesch mussen also och elo während dem Bau vun der Kläranlag dann déi néideg Moossname getraff ginn, datt wéi gesot keng zousätzlech Perturbatiounen hei wäerten entstoen.

Ee vun den Haaptausgabepunkte vun de Fräen ass natierlech och d'Verleeë vun deem grousse Kanalisatiounsnetz, dat jo insgesamt 58 Kilometer bedréit, an do si mer op engem kritesche Punkt. Mir hunn nämlech hei zu Lëtzebuerg op ville Plazen nach ëmmer Schwieregkeete mat eise Kanalisatiounssystemer, well se oft net ugepasst goufen. Dat heescht, et si ganz vill nei Citéë gebaut ginn, mir hunn eng gewëssen Expansioun vum Land viru gedriwwen, mir hunn awer op där anerer Säit oft vergiess fir d'Kanalisatiounssystemer unzepassen.

Mat deene Problemer, déi mer kennen, huet dat natierlech dann oft mat sech bruecht, datt ongewollte Pollutiounen do entstane sinn. Ech erënneren drun, datt viru knapp engem Joer zum Beispill op der Uelzecht hei am Raum Hesper-Alzeng eng gréisser Pollutioun war, ebe bedéngt doduerch well d'Kanalisatiounssystemer no engem Wieder hoffnungslos iwwerlaascht waren an da sprangen automatesch Déversoiren op an da leeft all dat ongekläertent Ofwaasser an déi éischt bescht Baach. Do gi jo och eng Rei vun Efforte gemaach. Et mussen zousätzlech Réckhaltebecke gebaut ginn. 60 hu mer der de Moment. Et sollen der jo nach eng Rei dobäi kommen, an et ass och gutt datt elo am Kader vun dësem Projet esou Infrastrukture virgesi sinn.

Et dierf een allerdéngs net vergiessen, wa mer vun der Öewersauer schwätzen, da si mer ganz séier bei engem Problem vun deem Gewässerlaf, an dat ass déi héich Eutrophisatioun. Déi ass leider present. Dat soen och d'Fachleit, déi d'Waasser vun dem Stausee jo permanent analyséieren, an et mierkt ee scho gutt, besonnesch an de Méint Abrëll, Mee, datt déi héich Eutrophisatioun sech da bemierkbar mécht duerch ebe grouss Algeflaatschen iwwert d'Gewässer, a besonnesch de Pont Misère gëtt jo awer an de Summerméint - an déi Kolleegen, déi aus deem Eck sinn, kënnen dat nach vill besser hei ënnersträichen - e relativ trostlost Bild of, wann ee mierkt wéi schnell a sech d'Algeproduktioun vir sech geet a wat jo natierlech doduerch ze erklären ass, well eben en héijen Nährstoffantrag an dat Gewässer kënnt.

Iwwregens war schonn 1990 do eng interessant Etüd gemaach gi vum CRP-Centre universitaire, wou ënner anerem festgestallt ginn ass, wat de Pont Misère ubelaangt, datt do an enger Déift vun 1,5 Meter eng extrem niddereg Sauerstoffkonzentratioun entsteet, wat natierlech dann och negativ Konsequenze virun allem fir de Fëschbestand ka mat sech bréngen. Datselwecht hu mer awer och um Niveau vum Béiwener Aarm. Och do ass d'Sauerstoffkonzentratioun vun enger gewëssener Déift u ganz kritesch.

Wat de Misère ubelaangt, si jo schonn oft Fuerderunge gestallt ginn, datt dee misst ausgebaggert ginn, well sech eben do am Laf vun de Joren eng héich Schlammschicht entwéckelt huet. Och do muss een natierlech bemierken, datt et eng Rei vun technesche Problemer gëtt, virun allem wat herno de Stockage, den Dépôt vun där héijer Quantitéit vu Schlamm ubelaangt. Mä et ass nun eben e reelle Problem, deen awer muss ugepaakt ginn, an datt de Stausee selwer jo och déi Problematik kennt, ass jo och doduerch ze erklären, datt 1991, wéi d'Vidange war, jo e speziellen Aarm bei der Staumauer gebaut ginn ass, fir ebe kënnen d'Drénkwaasser aus verschiddenen Déiften erauszehuelen.

Wa mer natierlech vun der héijer Eutrophisatioun vun dem Stausee a vun der Öewersauer schwätzen, da komme mer natierlech awer och net derlaanscht e Wuert iwwert d'Landwirtschaft ze verléieren. Et ass ganz kloer, datt een hei net soll pauschal Aussoe maachen. Et sinn an deem Raum eng ganz Rei vun Efforte gemaach gi fir ebe manner ze düngen, fir manner Sprëtzmëttelen anzesetzen, mä d'Tatsaach ass jo awer, datt d'Nitratbelaaschtung, d'Phosphatbelaaschtung nach wie vor relativ héich ass an datt jo awer och do d'Landwirtschaft eng gewësse Roll spillt.

Dofir sinn ech och der Meenung, datt ee sech muss Gedanke maachen: Wéi kënne mer nach méi prophylaktesch virgoen, wéi kënne mer u sech do nach Mesuren treffen, datt esou mann wéi méiglech den Nährstoffantrag an eis Gewässer kënnt. Ech denken do u sou genannten Uferschutzsträifen, u Programmer, déi an der Praxis zum Deel schonn ugewannt ginn, mä awer nach net prezis genuch. Ech mengen och dowéinst, datt dat misst méi generaliséiert ginn, an ech wëll och drop hiweisen, datt an deem rezente Bericht vun der EU-Kommissioun iwwert den Zoustand vun eise Buedgewässer och déi Problematik opgeworf gëtt.

Ech wëll drun erënneren, datt ech den 8. August d'lescht Joer eng Proposition de loi déposéiert hunn, wou ech nach net d'Geleeënheet hat déi hei ze exposéieren. Dofir hëlt een dat alt mol heiansdo esou scheibchenweise mat erduerch, well ech ënner anerem och do proposéiert hat fir eben eng Base légale ze schafen, fir sou genannten Uferschutzsträifeprogrammer da virzegesinn, an dat géing da folgendermoossen am Fong geholl libelléiert ginn: «L'utilisation de fertilisants et produits chimiques servant à détruire des mauvaises herbes et des parasites est interdite sur une bande large de 5 à 20 mètres le long des cours d'eau de la deuxième catégorie. Les critères et les compensations à allouer le cas échéant aux propriétaires riverains sont déterminés par un règlement grand-ducal.»

Ech wëll also hei ganz kloer ënnersträichen, datt wa Bauere bereet si gewësse Bandë laanscht d'Gewässer fräi ze loossen an net méi nom klassesche Muster ze bewirtschaften, dat heescht also net méi ze düngen, och net méi Sprëtzmëttelen anzesetzen, datt se dowéinst natierlech kënnen e gewëssene Produktiounsausfall erleiden. Op där anerer Säit wier et also da legitim, datt d'öffentlech Hand deem géing Rechnung droen an dat eben och no enger mathematescher Formel géinge kompenséieren. Sou datt ech also nach wie vor der Meenung sinn, datt mer sollen Efforte maachen, fir esou Programmer laanscht eis Gewässer, besonnesch wéi gesot och um Niveau vum Stausee opzestellen. Ech wëll dann an deem ganze Kontext och nach drun erënneren, datt mäi Fraktiounskolleeg Mil Calmes jo eng Kéier eng Proposition de loi hei ënnerbreet hat, wat d'Aféierung vun engem Waasserfrang ubelaangt.

Mir kommen also net derlaanscht och festzestellen, datt an der Waasserschutzpolitik insgesamt hei zu Lëtzebuerg nach munches ze maachen ass. Dee Projet vun haut huet also ouni Zweifel eng ganz grouss Wichtegkeet, déi och guer net a Fro ze stellen ass, an deen och misst dozou bäidroe fir virun allem d'Qualitéit vun dem Stausee an der Öewersauer ze verbesseren. Mä et mierkt een awer, datt mer eis nach wie vor schwéier dinn hei zu Lëtzebuerg mat dem Bau vu Kläranlagen, well wann ee bedenkt, datt dee Projet hei jo awer - wéi schonn e puermol gesot ginn ass - elo praktesch 30 Joer al ass an datt mer elo haut et eréischt fäerdeg brénge fir dann deem ganze Projet definitiv gréng Luucht ze ginn, wa mer iwwert d'Waasserschutzpolitik schwätzen, da kënnt een natierlech och net derlaanscht fir ofschléissend nach e kuerzt Wuert iwwert d'Waasserwirtschaftsamt hei ze verléieren.

Et ass natierlech e bëssen ze bedaueren, datt mer och an deem Dossier net esou richteg avancéieren, mä do läit d'Schold awer net hei bei der Chamber. Ech wëll elo iwwerhaapt keng Scholdzouweisung maachen, mä Tatsaach ass nun eben, datt mer schonn iwwer ee Joer op den Avis vum Conseil d'Etat waarden. Ech hoffen also wéi gesot, datt deen eis esou séier wéi méiglech virgeluecht gëtt, datt mer och dee Projet kënnen attackéieren.

Ofschléissend, wéi gesot, wëll ech awer nach eng Kéier ënnersträichen, datt d'Demokratesch Partei ouni Zweifel dëse Projet begréisst, an ech wëll awer och nach dem Kolleeg Marco Schank merci soe fir säi mëndlechen an och säi schréftleche Rapport.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Pierre Koepp agedroen. Den Här Koepp huet d'Wuert.

M. Jean-Pierre Koepp *(ADR).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur villmools merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport. Den Historique an och d'Grënn fir dëse Projet goufen ausféierlech vu menge Virriedner ervirgedroen, dofir géif ech mech just op e puer wesentlech Saachen oder Punkte konzentréieren, respektiv e puer Remarken ubréngen.

Mir sinn haut befaasst mat engem Gesetz wou de Stat sech finanziell verpflicht, fir eng Gesamtkläranlag mat Réseaunetz fir 7 Gemenge ronderëm de Stausee ze finanzéieren, respektiv ze kofinanzéieren.

Als ADR begréisse mir dëse Projet. Et ass ee Schrëtt an déi richteg Richtung. Ëmmerhi ginn am Summer ronn zwee Drëttel vum Drénkwaasserbedarf am Land aus dësem Stausee gewonnen. 80.000 $m^3$ pro Dag a Spëtzenzäiten, dëst seet genuch. Et ass fir eist Land vun enger immenser Wichtegkeet, datt mir dëst wäertvollt Gutt schützen, sou gutt wéi et geet. Et ass souguer vun nationaler Bedeitung.

Obwuel de Stausee ëm 1960 Realitéit ginn ass, dauert et bis zum heitegen Dag ier mir hei an der Chamber ee Gesamtplang stëmme betreffend d'Kläranlag ronderëm dëse Stausee. Zwar sinn an der Tëschenzäit méi kleng Kläranlage verschiddentlech realiséiert ginn, mä si hunn engem Gesamtkonzept ni wesentlech Rechnung gedroen. 1976 hat de Stat eng éischt global Etüd an Optrag ginn, an haut, 27 Joer méi spéit, stëmme mir deementspriechend de Projet.

Mat den techneschen Eenzelheete wëll ech mech haut net ofginn. Ech hoffen a wënschen, datt dëst besser vum technesche Staff geléist gëtt wéi de Finanzéierungsplang, well soss gesinn ech schwaarz.

Am ursprüngleche Projet, deen den 20. Mee 2002 hei an der Chamber deponéiert ginn ass, waren d'Präisser berechent op den Niveau vu Juni 2000. Hat de Projet am Joer 2000 eng Envergure vu 46 Milliounen Euro, esou huet en nom Amendement vun der Regierung mat Datum vum 9. Abrëll 2003 eng Envergure vun 59 Milliounen Euro, oder 64 Milliounen Euro mat der Part vun de Gemengen, dëst berechent op den 1. Abrëll 2002. Also si mer elo mat de Präisser schonn erëm e Joer hannendrun. Dëst ass eng Steigerung vun iwwer 22% an zwee Joer, ouni der Steigerung vum leschte Joer Rechnung ze droen, an nach hunn d'Aarbechten net ugefaangen.

A wann ech elo bei der Finanzéierung sinn, ass mer am Projet nach eppes opgefall, wat mer net gefält, an zwar folgende Passus op der Säit 7 am Artikel 5.3, Alinéa 3: «…à noter que les dépenses sont en premier lieu préfinancées par les communes concernées, respectivement le Syndicat intercommunal de dépollution des eaux résiduaires du Nord (SIDEN), et que ces remboursements se feront suivant les disponibilités budgétaires du Ministre de l'Intérieur».

Ech hoffen, datt dëse Passus mat de betraffene Gemengen ofgeschwat an net Wuert fir Wuert ugewannt gëtt, an eng kolleegial a finanziell Regelung fonnt gëtt. Meng Fro an dësem Kontext: Ass dëst mat deene betreffende Gemenge respektiv dem SIDEN ofgeschwat ginn, well mer wësse jo alleguer, datt d'Finanze vun de Gemenge ganz enk sinn? Sinn dës siwe Gemenge sech bewosst, wat op se duer ka kommen? Ech hätt et léiwer gesinn, wann de Stat dës Rechnung komplett iwwerholl hätt an duerno de Gemengen hir Part erëm ofgefrot hätt.

***(Interruption)***

Jo, mä dat wär awer bei dësem Projet ganz wichteg gewiescht. Dat ass scho richteg. Dat wier méi logesch a raisonnabel gewiescht.

Wat mir perséinlech nach ze denke gëtt, ass déi extrem laang Bauzäit fir dëse Projet. Wuel ass et vun Natur hier ee grousse Projet, mä dëse Projet misst sech awer dach a méi kuerzer Zäit realiséiere loossen. Ech hu meng Bedenken, speziell wat d'Finanzéierung ubelaangt, well dëse Projet riskéiert an där laanger Bauzäit op d'mannst sech ze doubléieren.

Erlaabt mer awer op dëser Plaz nach dräi Remarke méi genereller Aart betreffend d'Kläranlagen ze maachen.

Firwat mussen am Norden d'Gemengen an de SIDEN goen, fir déi 90% un Hëllef ze kréien? Wann ech gutt informéiert sinn, ass dat an anere Regiounen net de Fall. Firwat?

Laut enger europäescher Direktiv, an zwar der 91/271 misst Lëtzebuerg bis den 31. Dezember 2005 iwwerall Kläranlagen hunn, wou mir iwwer 2.000 Awunner zielen. Dës Kläranlag hei, geleeën an enger sensibeler Zon, hätt scho misse fir den 31. Dezember 1998 fäerdeg sinn. Et schéngt ons, wéi wa mir dës Direktiv net agehalen hätten, an den ADR géif et begréissen, wann eis Regierung dem Land emol e Gesamtplang géif virstellen, wéi si dee Problem vun de Kläranlage wëllt léisen an a wellechem Zäitraum, well laut dëser Direktiv kënnt Lëtzebuerg uerg an d'Labrente kommen. Lëtzebuerg muss jo awer 1991 dëser Direktiv zougestëmmt hunn, a misst sech jo och emol op d'mannst Gedanke maachen iwwer e Gesamtplang.

An da wéilt ech d'Regierung nach opmierksam maachen op eng d'Kläranlagentechnik, wou mir een Handwierksmann am Land hunn, deen eng gewëssen Zort vu Kläranlag entwéckelt huet an a Kanada dës Kläranlag och installéiert huet, wou ee kann d'Gülle vu 60.000 Schwäin zu Drénkwaasser a ganz kuerzer Zäit opbereeden.

***(Interruptions diverses)***

D'Klärung vum Ofwaasser ass och an dëser Anlag kee Problem. Dëser Technik misste mer op d'allermannst emol eng Kéier eis ganz Opmierksamkeet schenken. Dësen Handwierksmann kënnt dëst realiséiere mat engem Brochdeel vum finanziellen Opwand vum aktuelle Käschtepunkt, wuel verstanen nëmme fir d'Kläranlag selwer, net op dem Réseau. Dës Käschte bleiwen natierlech.

Wann déi am Projet virgesinne Kläranlag enges Daags a Betrib ass, da muss ee bedenken, datt just een Drëttel vun dem verknaschten Ofwaasser responsabel ass fir d'Pollutioun vum Stausee an nach zwee Drëttel iwwreg bleiwen. An hei wär ech frou, wann den Här Minister eis kënnt weider Mesurë matdeelen, déi an Zukunft virgesi sinn, fir dëser Problematik bäizekommen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren a ginn d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Endlech, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, muss ee soen, kritt de Stauséi seng Kläranlag. Eigentlech hätt de Stauséi jo missen déi éischt Kläranlag am Land kréien, well wa mer dat Ofwaasser net klären, wat an eist Drénkwaasser leeft, da froen ech mech, wéi een Ofwaasser mer iwwerhaapt musse klären.

Awer bal 30 Joer, wéi schonn erwähnt, huet et gedauert bis mer elo esou wäit sinn, an dat ass eigentlech onverständlech. Haut si vill Leit, déi sech bekloen, dass et éiweg an een Dag dauert hei am Land ier mer Projeten duerchkréien, haaptsächlech déi jeeweileg Bauteministeren a Bauteministesche bekloe sech ëmmer doriwwer, an da fanne se och all méiglech Schëlleger. Si fannen Ëmweltschutzorganisatiounen. Si fannen d'Kommodosgesetz. Si fannen Nimbyen hannert all Bam an hannert all Heck, déi do op all Projet laueren.

Wann een deen heite Projet kuckt, dann ass dat bestëmmt net de Fall. Dat hei ass e Projet, wou eigentlech keen dergéint ass. Et ass och kee grousse politeschen Enjeu hannert deem Projet. Et ass jo iwerhaapt keng Affär vu Kommodo, an Nimbye si ronderëm de Stauséi, op jidde Fall wat d'Kläranlag ubelaangt, wäit a breet keng.

An och op der Musel, mengen ech, ass jiddfereen d'accord, dass endlech misst eng Kläranlag kommen. An och do hunn ech nach keen héieren, deen dergéint ass an och nach keen Ëmweltschützer gesinn opstoen, deen dergéint wär. Ech mengen och net, dass do eppes mam Kommodosgesetz ass, an awer komme mer net weider.

Dofir géing ech am Kontext vun dësem Projet ureegen, sech emol Gedanken ze maachen, ob net aner Ursaachen do sinn, firwat mer eis a gewëssen Domainer esou schwéier dinn, fir weider ze kommen. A wann een der Saach emol e bëssen op d'Spur geet, dann ass et ganz kloer an deenen Domainer, wou an de leschte Joren a Jorzéngten nei Erausfuerderunge komm sinn. Ech stelle just fest, wann et zum Beispill drëm geet Stroossen ze bauen, da komme mer ganz séier virun, dann hu mer schonn heiansdo Milliarden ausginn, ier emol d'Chamber iwwerhaapt e Projet gestëmmt huet. Ech denken un de CITA. Ech denken un aner Saachen. A vläicht misst ee sech awer och emol iwwerleeën, ob net d'Grondursaach, dass mer a gewëssenen Domainer net weider kommen, e Manktum u mënschleche Ressourcë bei de staatleche Verwaltungen ass, wann ee weess, wéi wéineg Leit jorelaang an der Administration de l'Environnement zoustänneg ware fir dee gesamte Kläranlageprogramm.

Déi Leit, déi schaffen haut am Waasserwirtschaftsamt, wat et zwar nach net gëtt, mä si schaffen awer schonn do, awer et sinn der net méi ginn, a wann een emol kuckt wéivill Milliounen Euro do ze verschaffe sinn, an et weess een, dass nëmmen e puer Leit dee ganze Programm encadréieren, d'Gemenge beroden, kucken dass d'Dossiere weiderginn, dass se autoriséiert ginn, finanziell Transfertë maachen, da mengen ech, dass dat eng vun den Haaptursaachen ass, dass mer net weiderkommen. Dat mierkt een ëmmer erëm am Ëmweltberäich. Ech mengen de Lëtzebuerger Stat virun allem huet verpasst an deem Beräich, wou d'Erausfuerderunge ganz vill gewuess sinn an de leschte Joren a Jorzéngten, sech déi néideg Leit ze ginn.

Ähnleches kann een am Transportberäich feststellen. Wann ee weess wéi wéineg Leit am Transportministère schaffen, da wonnert ee sech och net, dass mer nach ëmmer keng Homepage hunn, wou ee kann iwwer Internet gewuer gi wéi ee vu Biekerech op Waasserbëlleg mam Bus oder mam Zuch kënnt. Dat gëtt et nach ëmmer net.

Ech hu gëschter mat Staune festgestallt, wéivill Leit all Joer bei Ponts et Chaussées agestallt ginn. Wann ee kuckt, wéivill Leit do schaffen a vergläicht wéivill der an anere Beräicher schaffen an net schaffen, da wonnert ee sech guer net, an ech stellen d'Fro: Sinn eis Flëssleef eis eigentlech net grad esouvill wäert wéi eis Stroossen, a misst een dann net mindestens an där dote Verwaltung en Deel vun deene 1.500 Leit schaffen hunn, déi de Moment bei Ponts et Chaussées schaffen. Mä ëmmerhi si mer elo no 30 Joer esou wäit, dass dee Projet ka gebaut ginn, an dofir wäerten déi Gréng selbstverständlech och dëse Projet stëmmen.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dobäi ass de Stauséi awer nach laang net gerett. Éischtens hu mer jo gesot kritt, dass, bis all déi Uertschaften ugeschloss sinn an d'Kläranlag voll funktiounsfäeg ass, nach zéng Joer wäerten an d'Land goen an zwee-tens, an de Virriedner Gusty Graas huet et schonn ugeschwat, ech wëll awer och nach e Wuert dozou soen, bleift awer de Problem vum substanziellen Apport vun der Landwirtschaft an de Stauséi era bestoen. Ëmmerhi krute mer gesot, dass 70% vum Stickstoffantrag a 50% vum Phosphor vun der Landwirtschaft kommen an do ass awer nu radikal guer näischt geschitt an deene leschten 20 Joer. Am Géigendeel, d'Nitratwäerter si vu 15 op 25 Milligramm eropgaangen. Domat si mer zwar nach net beim Grenzwäert vu 50 Milligramm, wou eigentlech kee Mënsch méi dat Waasser däerf drénken, mä mir sinn awer scho praktesch beim Richtwäert vun der Weltgesondheetsorganisatioun, déi zumindest recommandéiert, et soll ee kucken ënner 25 Milligramm ze bleiwen, a mir sinn op jidde Fall schonn iwwert dem empfohlene Wäert fir Fläsche fir Bebeën ze maachen.

Ech fannen dat eigentlech bedenklech, an ech kommen net derlaanscht awer déi eng oder aner kritesch Fro iwwert d'Roll vum Naturpark an deem dote Kontext ze stellen.

Mir wëssen, dass eigentlech déi initial Roll vum Naturpark, esou wéi de Stat sech e virgestallt hat, nëmmen déi war fir de Stauséi als Reserv vum Drénkwaasser landeswäit ze schützen. Géint déi Iddi hu mat Recht, Här Loes, deemools d'Gemengen ëm de Stauséi an och d'Bauere sech gewiert an ech sinn och der Meenung, dass et richteg war sech ze wieren. Et ass gesot ginn: Aus dem Naturpark maache mer op d'mannst en zousätzlecht Instrument fir ländlech Entwécklung. An an deem Beräich - dat ass evident an dat kann ee jo ganz kloer gesinn - huet den Naturpark ganz vill Mériter.

Ech ginn awer dat Gefill net lass, Här President, dass lues a lues déi primär Roll, déi eigentlech den Naturpark hat, iwwerhaapt net méi diskutéiert ginn ass an dass déi lues a lues aus den Objeten, aus der Praxis an aus de prakteschen Aktioune vun deem Syndikat do verschwënnt.

Well déi éischte Kéier war et schonn de Fall, wéi ee wierklech bei der Implantatioun an och bei der Formulatioun vum Règlement grand-ducal awer guer keng restriktiv Moossname méi zréckfonnt huet an deem Reglement, weder wat d'Bauen ubelaangt, nach wat d'Landwirtschaft ubelaangt. Ech selwer sinn en absoluten Unhänger fir fräiwëlleg Mesuren ze huelen an alle Beräicher, mä ech fannen, wann een esou eng wichteg Drénkwaasserreserv wëllt schützen, da muss et awer och e Punkt ginn, wou ee vläicht hätt kënnen dra schreiwen, dass ee méi restriktiv Moossname misst huelen. Et hätt een zum Beispill kënnen e Grenzwäert vun Nitrater drasetzen a soen: Hei, wa mat fräiwëllege Moossnamen, haaptsächlech an der Landwirtschaft, e gewëssene Grenzwäert fir Nitrater am Stauséiwaasser net ka berücksichtegt ginn, da gi mer an eng zweet Stuf iwwer an da sinn et net nëmmen déi, déi guddes Wëllens sinn, déi musse matmaachen, mä da musse se och alleguerte matmaachen.

Ech weess, datt eng landwirtschaftlech Berodung existéiert, mä et schéngt awer net ze sinn, wéi wa flächendeckend mat där Berodung do konkret Ziler kënnten erreecht ginn. D'Nitratwäerter gi weider erop. Et huet een och net dat Gefill, wann een duerch déi Géigend fiert, dass do eng aner Landwirtschaft gemaach géing ginn. Et steet do net méi an net manner Mais wéi anzwousch anescht. Et huet een dat Gefill dass do d'Landschaft net méi an net manner ausgeraumt gëtt wéi anzwousch anescht. Mir si gewuer ginn am Kader vun der Schwéngspescht, dass ganz grouss Betriber an deem Beräich sinn, a mir wësse jo awer, dass esou Schwéngsbetriber nu wierklech net grad zu deenen extensive Betriber an der Landwirtschaft géhéieren. Dofir froen ech mech, ob et net Zäit gëtt wa mer bei 25 Milligramm Nitrater sinn, dass mer awer méi konsequent a méi flächendeckend am Beräich Landwirtschaft eppes maachen, fir dass mer déi Nitratwäerter do an de Grëff kréien.

Ech wëll drop hiweisen, dass et an engem klenge Stil jo awer Pilotprojete ginn huet, déi a relativ kuerzer Zäit ganz konkret Resultater bruecht hunn. Ech erënneren un dee Projet, deen d'Nopere vu Réide gemaach hunn, wou se iwwer e puer Joer mat der Stëftung Öko-Fonds, och op fräiwëlleger Basis, e substanzielle Programm gemaach hu mat hire Baueren, wou een haut an deenen eenzelne Quelle schonn d'Resultat ka feststellen.

Ech mengen, da misst et jo och méiglech si ronderëm de Stauséi dat ze erreechen. Dofir mengen ech, géing et dem Naturpark an awer och vläicht dem Landwirtschaftsministère, dee selbstverständlech misst eng Hand upaken, gutt zu Gesiicht stoen, fir do méi grouss Efforten ze maache wéi dat an deene leschte 15 Joer de Fall war. Well, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann de Séi eng Kéier definitiv kippt, ech wëll net den Däiwel un d'Wand molen, den Här Graas huet awer d'Situatioun beschriwwen, wéi se regelméisseg a waarme Joreszäiten optaucht, wann d'Nitratwäerter net kënne stabiliséiert ginn, dann ass de Label vum Séi op eng Kéier keng Reklamm méi, mä éischter de Géigendeel, an dat wier wierklech schued fir déi vill a flott Efforten, déi op där anerer Säit an dësem Beräich gemaach si ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Innenminister Michel Wolter.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem honorable Rapporteur, dem Här Deputéierte Schank, merci soe fir seng Ausféierungen, déi en hei op der Tribün gemaach huet. Dat erspuert mer op eng ganz Rei Saachen anzegoen, an erlaabt mer mech op e puer Punkten ze konzentréieren, déi am Kader vun der Debatt de Mëtteg gesot si ginn.

Et ass richteg, dass et sech ëm en extrem wichtege Projet handelt, dee joren-, wann net esouguer jorzéngtelaang an der Diskussioun war, an dee ronderëm eis wichtegst Drénkwaasserreserv, nämlech de Stauséi, elo eng modern Klärung wäert virgesinn. Wann ee weess, dass de Stauséi an der Moyenne een Drëttel an am Summer bis zu zwee Drëttel vun der Waasserproduktioun garantéiert, gesäit een och déi extrem Importenz vun deem Projet.

Anere wichtege Punkt an deem Projet war deen, dass mer et hei mat klenge Gemengen ze dinn hunn, déi ronderëm sinn, deenen hir Finanzcapacitéit net extrem héich ass, an en drëtte Punkt ass deen, dass duerch de Fait, dass et sech ëm e Projet handelt, dee ganz sensibel ass, eng Rei vu Mesuren hu misse getraff ginn, fir deem Rechnung ze droen. De Stat huet och décidéiert, fir um Niveau vum Finanzement aner Regele spillen ze loosse wéi déi, déi normalerweis gespillt hunn, an e war also bereet fir Deeler vum Projet zu 100% ze subventionéieren, besonnesch déi Saachen, déi eben en Excédent si vun deenen normalen Investitiounstätegkeeten, déi vun de Gemenge musse gemaach gi wann eng Kläranlag gebaut gëtt, an déi vun nationalem Intérêt sinn. Dat bréngt mat sech, dass vun engem Gesamtinvestissement vun 62 Milliounen net manner wéi 59 Milliounen iwwert de Stat, dat heescht, iwwert den zoustännege Fong bezuelt ginn, wat awer e ganz substanzielle Montant ass.

Et ass och richteg, dass vill an hefteg diskutéiert ginn ass ier déi Kläranlag do konnt gebaut ginn. Dee Feeler däerf een awer net eleng dem Stat zourechnen. Déi Leit, déi an deem Projet hei dra waren, wësse wéi kontrovers de Site an all deene Jore vun allméigleche Leit, déi do en Intérêt haten, diskutéiert ginn ass. Et ass eben haut esou dass, wann een all déi Susceptibilitéiten an déi Intérête kennt, een eng ganz Rei vun Etüde muss maachen, fir dann ze beweisen, dass dee Site, dee vun Ufank un am Gespréich war, schlussendlech awer dee war, deen zréckbehale ginn ass.

An ech wëll nach eng Kéier dem Här Graas soen, dass dee Site vum Environnement ausgesicht ginn ass, haaptsächlech, well vun deene fënnef Siten, déi am Gespréich waren, deen heiten vum Point de vue environnemental hirer Meenung no dee war, deen eben déi am mannste schlecht Solutioun war. Et schéngt mir awer esou ze sinn, dass mer néierens e Site bei dem Stauséi gehat hätten, deen alle Considératiounen hätt kënne Rechnung droen. Well wa mer dee gehat hätten, dann hätte mer en och héchstwahrscheinlech am Laf vun all deene Jore wou diskutéiert ginn ass fonnt.

Et sinn eng Rei vu Kriticke geäussert ginn, wéi dat ëmmer esou ass wann e Projet diskutéiert gëtt, déi zum Deel berechtegt sinn, zum Deel awer a mengen Aen net berechtegt sinn. Ech géif wëllen dorobber agoen. Et hat een heiansdo bei deem engen oder deem aneren d'Impressioun, wéi wann an deene leschte Joren net ganz vill am Kläranlageberäich geschitt wär. Ech wëll drun erënneren, dass an deene leschten zéng Joer 250 Milliounen Euro, dat heescht 10 Milliarden där aler Frang, eleng vu staatlecher Säit, da muss ee jo awer nach déi 10% vu Gemengesäit dobäi rechnen, an d'Kläranlagen investéiert gi sinn. Dat ass eng Moyenne iwwert déi lescht zéng Joer vun 1 Milliard pro Joer. Dat ass en extrem héije Chiffer.

Et gesäit een och, wann een iwwer Investissementer an deem Beräich schwätzt, dass een och iergendwou e Maximum u Suen erreecht, déi ee pro Joer ka verschaffen, mat de Moyenen déi mer um Niveau vun de Gemengen, um Niveau vun de Bureaux d'études an och um Niveau vum Stat hu wat de Finanzement ubelaangt; mä mir wäerten awer och probéieren an deenen nächste Jore weider ze fueren.

Ech erënnere just kuerz drun, dass an deene leschten zéng Joer zu Mamer, zu Iwwersyren, zu Péiteng, zu Maarteleng, zu Habscht, zu Bous, zu Uespelt, zu Esch, zu Schëffleng, zu Rouspert, zu Méischduerf/Mompech, zu Manternach, zu Bëttel, zu Eschduerf, zu Kielen - dat sinn elo déi Projeten déi de Beamten nach am Kapp hat; déi Lëscht ass nach ze erweideren -, also praktesch iwwert d'ganzt Land eng ganz Rei vu Kläranlage gebaut si ginn.

Wat awer ass, dat ass dass eng ganz Rei vu grousse Kläranlagen aus der éischter Generatioun, déi notamment am Uelzechtdall sinn, vereelst sinn an dass déi musse moderniséiert ginn. Zum Deel muss déi sou genannten drëtt Stuf dropgesat ginn, wat sech wäert an deenen nächsten zéng Joer mat ganz groussen Investissementer nidderschloen. Mir rechnen domadder, dass mer an deenen nächsten zéng bis 15 Joer nach ronn 650 Milliounen Euro, dat heescht ronn 30 Milliarden där aler Lëtzebuerger Frang an de Kläranlagesystem hei zu Lëtzebuerg musse stieche fir dann deene Considératiounen an Erausfuerderungen, esou wéi se an den europäeschen Direktiven dra stinn, kënne Rechnung ze droen. Ech froe mech allerdéngs, wann ech déi Montantë kucken déi dat sinn - dat wären dann iwwer 25 Joer ronn 40 Milliarde Frang -, wéi déi aner Länner an Europa mat deenen doten Direktiven ëmginn an ob déi och mat deemselwechten Degré derbäi si fir déi Programmer ëmzesetzen, wéi mir se hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen.

Et sinn eng ganz Rei Projeten an der Pipeline. Et huet ee Riedner gesot, et ass deen éischte Projet, deen an dëser Legislaturperiod elo an der Chamber ass. Et sinn zurzäit eng Rei Projeten ënnerwee, déi beim Waasserwirtschaftsamt leien. Dozou gehéiert notamment d'Kläranlag vun Hesper, déi soll kommen, déi zurzäit e Budget vun 13,4 Milliounen Euro huet. Ech wëll dem Här Koepp dozou soen, datt ech, wéi ech de Projet am Joer 2000 déposéiert hunn, eng Remarque derbäi geschriwwen hat am Projet, dass mer dat opgrond vun engem Devis sommaire gemaach hunn. Ech wollt dass de Projet op den Instanzewee géif goen an ech hu beim Dépôt vum Projet derbäi geschriwwen, dass en Devis détaillé misst gemaach ginn, dass een dat do also nëmmen als eng Indicatioun misst ugesinn. Deen Devis ass an deene Joren duerno verfeinert ginn. Et ass enger ganzer Rei vu Considératioune Rechnung gedroe ginn, déi an den Etüde waren. Dat huet notamment dozou bäigedroen, dass de Projet e gudde Strapp méi deier ginn ass, wéi en initial an enger ganz sommairer Vue déposéiert ginn ass.

Et ass allerdéngs och esou, dass mer eis hei an engem Domän beweege wou d'Technik all Dag weider évoluéiert, wou nei Méiglechkeete kommen, a wa mer da probéieren no deene leschten Donnéeë vun der Technologie déi Kläranlagen ze bauen, da muss ee mat enger Vergréisserung vum Coût rechnen.

Mir hunn zu Beggen eng riseg Kläranlag. D'Moderniséierung an d'Vergréisserung sti mat 45 Milliounen Euro am Budget. Beetebuerg: bal 35 Milliounen Euro, a Miersch: 18 Milliounen Euro. Da musse mer d'Bleesbréck fir bal 20 Milliounen Euro vergréisseren an iwwerhuelen. Mir musse Kollektere maachen tëschent Bouneweg an der Kläranlag Beggen fir net manner wéi 47 Milliounen Euro. Einfach fir dass ee mol eng Kéier weess, iwwer wat fir eng Montanten dass mer hei schwätzen.

D'Kläranlag zu Gréiwemaacher: Ech kommen herno nach kuerz dorobber, well och een heibanne gesot huet, et wär nach keng Kläranlag op der Musel. Dat huet awer largement eppes domadder ze dinn, dass déi lescht zéng bis 15 Joer ganz hefteg an deene concernéierte Gemengen doriwwer diskutéiert ginn ass, wou dann de Standort vun där Kläranlag géif kommen an dass déi successiv Regierungen, déi heiteg och, mat deene viregten, d'Musel net als déi alleréischt Prioritéit och ugesinn hunn, well se der Meenung waren, dass een op anere Plazen am Land méi prioritär am Kader vum Investissement an d'Kläranlage misst Prioritéite setzen. Last but not least wäerte mer och zu Pärel, zesumme mam Saarland, eng Kläranlag baue fir deen ieweschten Deel vun der Musel ofzesécheren.

Ech kann den Här Koepp och berouegen, et besteet schonn en nationale Plang, et besteet och e Plan pluriannuel, deen zurzäit bis zum Joer 2006 geet. Dee Plan pluriannuel ass awer largement tributaire vun der Vitesse mat där d'Gemengen an d'Syndikater d'Projeten areechen. Contrairement zu deem wat déi meescht Leit nämlech mengen, gëtt eng Kläranlag net opgrond vun enger staatlecher Initiativ, mä vun enger Gemengeninitiativ gebaut. Déi muss fir d'éischt kommen. Et geschitt och ganz oft esou, dass vun de Gemenge fir d'éischt emol en Avant-projet som-

maire kënnt, deen dann am Kader vun de Studie muss verfeinert an élaboréiert ginn.

An dann huet den Här Gira vollkomme Recht: Mir hunn exactement an deem Waasserwirtschaftsamt dräi Leit déi sech ëm déi dote Problematik bekëmmeren. Ech kann den Här Gira awer berouegen, well am Kader vum Numerus clausus fir d'Joer 2004 - ech war jo, Dir hutt dat de Moien um Radio héieren, deen Éischten, deen de Moien an der Beichtkummer war - kann ech em soen, dass mer fir d'Waasserwirtschaftsamt zéng Leit gefrot hunn am Numerus clausus an dass mer ee kruten. Mir kréien also am Joer 2004 d'Autorisatioun, am Kader vun der Gesamtpolitik, dass mer am Joer 2005 nach mat manner Personal wäerten am Waasserwirtschaftsamt schaffen, wéi mer 1999 geschafft hunn.

Dir kënnt Iech jo nach drun erënneren, dass an deenen historesche Kompromisser, déi da musse gemaach gi wann een aus aacht Ministèren eng Verwaltung wëll maachen, dass een do eng ganz Rei Leit lénks a riets verléiert, déi dann an deenen alen Administratioune bleiwen, sou dass mer also am Joer 2005 nach ëmmer ënnert dem Niveau u Personal wäerte bleiwe wéi deem, dee mer 1999 haten. An dofir wëll ech meng ganz Bewonnerung ausschwätzen deene Leit, déi am Waasserwirtschaftsamt och eng ganz fantastesch Aarbecht maachen, mengen ech, déi an deene leschte véier Joer gewisen hunn, dass dat Waasserwirtschaftsamt eng gutt Initiativ war fir d'Leit beieneen ze kréien. Leider muss ech festhalen, do sinn ech mam Här Gira eens, dass dat heiten net schéngt eng Prioritéit vun de Prioritéiten ze sinn, wann et drëm geet d'Opstockung vum Personal virzehuelen, fir deenen Erausfuerderungen an der Politik, déi mer an deem heiten Domän hunn, kënnen entgéint ze kommen.

Mir waarden dann op där anerer Säit awer och op Projeten déi nach solle kommen. Ech wollt awer och soen, dem Equiliber halber, et kann een net behaapten, Dir hutt dat vläicht e bëssen exzessiv gemaach wéi Der gesot hutt: Dat ass nëmme well d'Waasserwirtschaftsamt ënnerbesat ass. Dat ass och ee vun de Phenomeener, mä ech mengen et gëtt och eng Rei vun anere Phenomeener um Niveau vun de Syndikater, vun de Gemengen, déi d'ailleurs mat deene selwechte Problemer konfrontéiert sinn.

Den Här Koepp huet de Prefinanzement duerch d'Gemenge kritiséiert. Ech muss dem Här Koepp dorobber äntwerten: Et ass nun einfach mol esou dass mer eng Kéier décidéiert hunn, dass d'Kläranlage vun de Gemenge gebaut ginn. Ech kann awer och soen, an ech mengen d'Buergermeeschteren, déi a leschter Zäit Kläranlage gebaut hunn, wëssen dat, dass d'Duerchschnëttszäit vun deem Moment u wou d'Avancë gefrot ginn bis zu deem Moment wou ausbezuelt gëtt am Waasserwirtschaftsamt tëschent 15 Deeg an engem Mount läit. Ech mengen net, dass op enger Plaz am Stat méi séier, natierlech no Prüfung, d'Avancen zréckbezuelt ginn un d'Gemenge wéi grad just an deem dote Beräich, wat domadder ze dinn huet, dass mer an deene leschte Joren de Kredit vum Waasserwirtschaftsfong ganz staark an d'Luucht gesat hunn, fir einfach méi e schnelle Remboursement ze maachen, well mer eis bewosst sinn, dass d'Gemengen do e ganz décke Prefinanzement musse maachen.

Abschliessend wëll ech soen, datt ech no eingehender Analys der Meenung sinn, dass mer, wat d'Kläranlagepolitik ubelaangt wéi och wat d'Waasserpolitik ubelaangt, eis am Kader vun där ominöser Diskussioun Etat-Communes wierklech d'Fro musse stellen, ob mer solle mat där Aart a Weis, wéi mer dat an deene leschte 15 Joer geregelt hunn, weiderfueren, oder ob mer eis net aner Weeër musse ginn an enger Kooperatioun tëschent Stat a Gemengen, fir d'Waasser- an d'Ofwaasserpolitik ze bedreiwen.

Ech kéint mer virstellen, dass een de SEBES - net als SEBES, mä d'Struktur vum SEBES vun enger Partnerschaft tëschent Stat a Gemenge 50%-50% - als Virbild kéint huelen, dass een, esouwuel wat d'Waasserpolitik - ech kann haut net dorobber agoen, mä och do hu mer ganz vill Erausfuerderungen an der Zukunft - wéi och wat d'Ofwaasserpolitik ubelaangt, dat zu enger nationaler Politik géing maachen an net zu enger lokaler, regionaler Politik. Mir gi forcéiert, am Kader vun enger Rei europäeschen Direktiven, eis Gedanken iwwert de Waasserpräis an iwwert d'Komponente vum Waasserpräis hei zu Lëtzebuerg ze maachen.

Dir hutt vläicht an der Zeitung gelies, dass virun e puer Wochen eng Versammlung vun der ALUSEAU war, wou déi zoustänneg Leit gesot hunn, dass de reelle Waasserpräis zu Lëtzebuerg, vun deem Moment u wou mer et aus der Natur huele bis zur Klärung inklusiv, zurzäit bei dräi Euro läit. Dovun ass een Euro fir d'Waasser an zwee Euro fir d'Ofwaasser. Mir kënnen dat jo mol vergläiche mat de Präisser, déi mer lénks a riets dofir zurzäit nach froen.

An ech wëll kloer an däitlech d'Fro an de Raum stellen, an ech hätt gären dass mer déi och am Kader vum Débat Etat-Communes mat diskutéieren, ob mer net déi Froen hei an eng Richtung ännere ginn,…

***(Interruptions)***

Neen, ech wëll net eng staatlech, mä ech hätt gären eng Kooperatioun tëschent Stat a Gemengen nom Stil vum SEBES, wou een eng national Planung kéint organiséieren a wou een och eng national koordinéiert Waasserpolitik um Niveau vum Drénkwaasser kéint esou organiséieren, dass een dat vläicht besser am Gréff hätt wéi een et haut am Gréff huet.

Ech wollt dat als Ureegung ginn, well ganz vill vun deene Bemängelungen a Kriticken, déi ech héieren hunn, eppes domadder ze dinn hunn, dass dee ganze Secteur esou strukturéiert ass wéi en haut strukturéiert ass. En ass strukturéiert nämlech a ganz vill eenzel Deeler, a mäi Souci wär et a meng Erausfuerderung wär et, an ech hoffen, dass mer doriwwer eng Kéier eng Eenegkeet fannen, dass mer aus där Politik hei eng gesamt national Politik kéinte maachen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4929 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 54 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui : Mme Nancy Arendt (par M. Nico Loes), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Fred Sunnen), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Marco Schank), Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Emile Calmes, Gusty Graas, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Théo Stendebach), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jean Asselborn), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jean-Pierre Klein), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen (par M. Jean-Pierre Koepp), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 17.57 heures)***

# JEUDI, 10 JUILLET 2003 — 70E SÉANCE — Présidence: M. Jean Spautz, Président

## Ordre du jour

1. 4836 - Projet de loi portant approbation de la Convention pour l'unification de certaines règles relatives au transport aérien international, faite à Montréal, le 28 mai 1999

   *(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
2. 4874 - Projet de loi portant approbation du Protocole, signé à Montréal, le 24 février 1988, pour la répression des actes illicites de violence dans les aéroports servant à l'aviation civile internationale, complémentaire à la Convention pour la répression d'actes illicites dirigés contre la sécurité de l'aviation civile, faite à Montréal, le 23 septembre 1971

   *(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
3. 4941 - Projet de loi sur le raccordement du Grand-Duché de Luxembourg au TGV Est-Européen

   *(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
4. 5018 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'administration de l'Enregistrement et des Domaines

   *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
5. 5022 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Trinité et Tobago tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et à encourager le commerce international et l'investissement, signée à Luxembourg, le 7 mai 2001

   *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
6. 5043 - Projet de loi relatif à l'augmentation du capital de la Banque Européenne d'Investissement

   *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; MM. Luc Frieden et Henri Grethen, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 14.30 heures)***

M. le Président.- D'Sëtzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

Da komme mer elo gläich zur Diskussioun vum Projet de loi 4836, enger Konventioun iwwert den internationale Flugverkéier. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madame Delvaux an den Här Greisen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Agny Durdu.

### 1. 4836 - Projet de loi portant approbation de la Convention pour l'unification de certaines règles relatives au transport aérien international, faite à Montréal, le 28 mai 1999

***Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports***

Mme Agny Durdu *(DP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi handelt et sech ëm d'Adoptioun vun der neier Konventioun vu Montreal. Et ass esou, dass am internationale Flugverkéier bis ewell och Konventioune present sinn, an zwar gëtt dee Regime normalerweis Régime de Varsovie genannt, wou zu Varsovie effektiv 1929 déi éischt Konventioun ausgeschafft ginn ass an deem Domän. Déi ass 1949 an eisem Land duerch d'Gesetz iwwerholl ginn an déi Konventioun ass dann an de Joren duerno méi wéi eng Kéier ëmgeännert ginn. Trotz allem bleift den Numm Régime de Varsovie bestoen.

Dat ass e Regime, deen eigentlech relativ zur Satisfaktioun vun alle Bedeelegten am internationale Flugverkéier a Kraaft war, mä nach konnt festgestallt ginn, datt en op bestëmmte Punkte sech einfach iwwerlieft huet, respektiv d'Besoine vum internationale Flugverkéier sech geännert hunn. Aus deem Grond ass am Siège vun der Organisation de l'Aviation civile internationale zu Montreal tëschent dem 10. an 28. Mee 1999 un enger neier Konventioun geschafft ginn an d'Resultat hu mer haut de Mëtteg hei virleien.

Déi nei Konventioun hält also e gudden Deel vun deenen ale Regele fest a verfeinert op anere Punkten. Wéi wäert dës Konventioun schaffen? Wie kann hei ënnerschreiwen? Ënnerschreiwe kënnen natierlech d'Staten. Ënnerschreiwe kënnen awer och deemno wéi regional Instanzen aus verschiddene Länner, wat zum Beispill fir federal organiséiert Staten net onwichteg ass, an et kënnen och international Organisatiounen ënnerschreiwen, an do ass zum

Beispill d'Europäesch Unioun ee Partenaire, deen hei kéint ënnerschreiwen, deen dat bis dato nach net gemaach huet, mä deen et vläicht eng Kéier an der Zukunft mécht.

Wéini kann ee sech op dës Konventioun beruffen? Et muss internationale Flugverkéier sinn. Et ass nëmmen dann, wa se kann antrieden. Besonnesch Regelen an där Konventioun halen awer och fest, wann et sech ëm Transport intermodal handelt, wéini datt se agräift. Zum Beispill, wann et Flugverkéier kombinéiert mat Schëffverkéier oder mat Bunnverkéier ass, dann trëtt dës Konventioun am Prinzip nëmmen a Kraaft fir den Deel Flugverkéier, wann deen awer selwer international ass. Expressis verbis ausgeschloss ass den Transport vum Bréif, also vun allem wat d'Post betrëfft.

De System vun de Responsabilitéiten, deen hei an dëser Konventioun festgehalen ass, ass relativ avantagéis fir déi Leit, respektiv fir déi Materialien, déi zu Schued kommen. An zwar mécht dës Konventioun eng Differenz tëschent Persounen a Bagagen op där enger Säit, an dem Material op där anerer Säit.

Sinn et Persounen, respektiv Bagagen, déi zu Schued kommen, dann ass et esou, datt wann de Schued ënner 100.000 DTS ass - dat ass d'Referenz par rapport zum Fonds monétaire international -, dass d'Responsabilitéit vum Transporteur objektiv ass. Hie ka sech och do net méi exonéréieren. Ass de Schued méi grouss, dann ass et esou, dass et eng Présomption de responsabilité am Chef vum Transporteur ass, wouvunner hie sech awer kann exonéréieren, andeems datt hie beweist, datt et net seng Schold ass, respektiv datt et engem Drëtte seng Schold ass, datt e Problem opgetrueden ass.

Bei de Marchandisen ass de Système de responsabilité am Fong geholl och deen nämlechten, an zwar datt wa Marchandise verluere geet, respektiv endommagéiert gëtt, respektiv ganz verluer geet, dee Moment et och esou ass, dass eng Présomption de responsabilité dans le chef du transporteur besteet an et un him ass ze beweisen, dass hien net schëlleg ass, respektiv dass en Drëtte Schold ass, oder datt d'Marchandise schlecht agepaakt war oder wéi och ëmmer.

Dann ass et wichteg festzehalen, dass wann een esou eng Konventioun schreift, dass d'Leit och wëssen op wat fir e Geriicht se gi wa se wëlle kloen. Do ass eng Ouverture gemaach ginn, an zwar sinn et elo am Fong geholl fënnef Juridictiounsméiglechkeeten, déi et gëtt. Déi éischt ass beim Domicile vum Transporteur oder zweetens beim Siège d'exploitation vum Transporteur oder bei deem Siège, wou den Transporthandel ofgeschloss gouf oder do, wou d'Marchandise, respektiv de Passagéier hätt missen ukommen, dem Lieu de la destination. A wann et sech ëm Schued u Persounen handelt, do ass et och nach esou, dass den Domicile de la résidence principale vum Passager ka revendiquéiert ginn.

Mir hunn an der Kommissioun dësen Text analyséiert. De Statsrot huet säin Avis och ginn an et wäert dann och esou sinn, dass, esoubal wéi dës Konventioun a Kraaft trëtt, déi bestehend Législatiounen hei am Land natierlech ausser Kraaft sinn, an dass dann déi nei Législatioun vun der Convention de Montréal antrëtt. Mir waren an der Kommissioun der Meenung, dass dëst e Projet wär, dee mer als Land géife brauchen, wa mer op internationalem Plang wëlle matmaachen, och wa mer wëlle verhandele mat anere Länner. Mir hunn dës Konventioun eestëmmeg an der Kommissioun gutt gehalen an ech géif och d'Plénière invitéieren, dësem positive Vote nozekommen. Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass d'Madame Mady Delvaux agedroen. D'Madame Delvaux huet d'Wuert.

***Discussion générale***

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP).*- Merci, Här President, fir d'Wuert, just fir der Madame Durdu merci ze soen, dass se sech deem Arrêt de rapport ugeholl huet. Ech bréngen den Accord vun der sozialistescher Fraktioun dozou.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Schummer ass deen nächste Riedner.

M. John Schummer *(DP).*- Jo, Här President, och ech géif am Numm vun der DP-Fraktioun der Madame Durdu merci soe fir dee Rapport, deen en technesche Projet war, deen si in extenso gemaach huet. Mir hunn deem näischt bäizefügen a mir wäerten dee Projet stëmmen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Norbert Haupert.

M. Norbert Haupert *(CSV).*- Här President, ech wëll dann och der Madame Durdu merci soe fir hire Rapport a den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wëll och merci all deene Leit soen, déi un deem Projet matgeschafft hunn. D'Madame Rapporteur huet dat Noutwendegst alles erkläert. Ech bréngen och d'Zoustëmmung vum ADR.

Wann ech just eng Fro nach kënnt stellen? Ech hunn d'Kriticke vum Conseil d'Etat gelies, do sinn nach fënnef Akten net ratifizéiert. Vun 1971 een, an déi aner véier vun 1975. Wann den Här Minister eis kënnt soen, ob dat fir eis och deemnächst an Zukunft noutwendeg gëtt an ob et eppes Wichteges ass. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als leschte Riedner kënnt den Här François Bausch un d'Rei.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech bréngen den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Den Här Minister Grethen huet d'Wuert.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Här President, ech wollt der Madame Durdu merci soe fir deen ausféierleche Rapport. Dem Här Greisen muss ech soen, dass ech déi Äntwert op seng Fro net weess. Ech wäert nofroen an him d'Äntwert zoukomme loossen. Ech soen der Chamber merci fir déi breet Zoustëmmung.

M. le Président.- D'Diskussioun ass domadden ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet 4836.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 54 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par Mme Nelly Stein), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Marco Schroell), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Jos Scheuer (par M. Jean-Pierre Klein), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

An da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 4874, enger Konventioun iwwert d'Sécherheet an der ziviler Aviatioun. Et si schonn agedroen: d'Madame Delvaux, den Här Schummer, den Här Greisen an den Här Haupert. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, d'Madame Agny Durdu.

## 2. 4874 - Projet de loi portant approbation du Protocole, signé à Montréal, le 24 février 1988, pour la répression des actes illicites de violence dans les aéroports servant à l'aviation civile internationale, complémentaire à la Convention pour la répression d'actes illicites dirigés contre la sécurité de l'aviation civile, faite à Montréal, le 23 septembre 1971

***Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports***

Mme Agny Durdu *(DP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi handelt et sech ëm d'Unhuele vun engem Protokoll vu Montreal, wou et drëms geet, fir kriminell an terroristesch Akten, déi am internationale Flugverkéier jo leider Gottes net auszeschléisse sinn, ze réprimandéieren.

Ech däerf drop hiweisen, datt an eisem Land bis ewell dës Problematik vun dräi Konventiounen ëmrass gëtt: vun der Konventioun vun Tokyo, der Konventioun vu La Haye an der Konventioun vu Montreal. Déi leschtgenannten ass duerch dëse Protokoll adaptéiert ginn, andeems datt se ausgeweit gëtt op Situatiounen, wou terroristesch oder kriminell Akte gemaach gi géint d'zivil Flughäfen, respektiv géint Fligeren, déi an dëse Flughäfen um Buedem stinn.

Dëst ass och noutwendeg ginn am Kader vun den Incidentë vum 11. September an et ass noutwendeg gi fir eist Land, fir dëse Protokoll guttzehalen, well mer an internationalen Négociatiounen drop higewise ginn: Hutt Der och dëse Protokoll ënnerschriwwen, well e wichteg ass eben an deenen internationalen Négociatiounen? An et erlaabt eis an eisem Dispositif législatif e kompletten Dispositif ze hunn, fir kënnen ze agéieren, falls och eng Kéier esou en Incident sollt bei eis sinn, wat mer eis natierlech net wënschen.

Voilà, mir hunn dëse Protokoll analyséiert an der Kommissioun. De Statsrot huet e positiven Avis dozou ginn. Mir hunn en an der Kommissioun unanime guttgeheescht, an ech hoffen, dass och d'Plénière dësem Wonsch wäert nokommen. Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Mady Delvaux.

***Discussion générale***

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP).*- Här President, och zu dësem Gesetz kann ech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Haupert.

M. Norbert Haupert *(CSV).*- Här President, ech géif der Madame Durdu nach eng Kéier merci soen an den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Schummer.

M. John Schummer *(DP).*- Jo, Här President. Ech wéilt och am Numm vun der DP-Fraktioun der Madame Durdu nach eng Kéier merci soen an eisen Accord zu deem Projet ginn.

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- An ech maachen dat nämlecht, Här President.

M. le Président.- Da wier d'Diskussioun ofgeschloss. Här Minister, ech menge mir kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

***(Hilarité)***

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Genau.

M. le Président.- Mir kommen dann zur Lecture vum Article unique vum Gesetzesprojet 4874.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert de virleiende Projet de loi 4874.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 50 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Lucien Clement);*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Niki Bettendorf), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Jean Asselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4941 iwwert den TGV. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Hären Haupert an Zanussi, d'Madame Durdu, den Här Greisen an den Här Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

## 3. 4941 - Projet de loi sur le raccordement du Grand-Duché de Luxembourg au TGV Est-Européen

***Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports***

M. John Schummer *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Projet de loi, deen ech haut d'Éier hunn Iech ze presentéieren, maache mer ouni Zweifel e wichtege Schrëtt, fir eist Land un d'Réseaux transeuropéens à grande vitesse unzebannen.

Déi Ubannung ass aus zwee Grënn fir eist Land vu grousser Bedeitung.

Éischtens kann e Land wéi Lëtzebuerg, wat am Häerz vun Europa läit, net vun esou enger wichteger Zuchverbindung ausgeschloss bleiwen, déi ouni Zweifel eng vun deenen iwwerzeegendsten Äntwerten op d'Erausfuerderung vun enger effikasser Organisatioun vum Transport am Intérêt vun der Mobilitéit an Europa duerstellt, an dat mat grousser Rücksicht och op d'Ëmwelt.

Zweetens steet et ausser Fro, dass d'Stad Lëtzebuerg als eng vun den dräi europäeschen Haaptstied optimal un d'grands réseaux transeuropéens ugeschloss muss ginn. Mä et ass eng Tatsaach, dass dee Projet de loi, dee mer haut hei stëmmen an deen de Protocole d'accord, deen den 28. Januar vum Joer 2002 tëschent dem lëtzebuergeschen an dem franséischen Transportminister ënnerschriwwe ginn ass, ëmsetze soll, eng Geschicht huet, déi mëttlerweil méi wéi zéng Joer al ass.

Et war nämlech Enn der 80er Jore guer net esou kloer, op jidde Fall huet et am Ufank um europäeschen Niveau net esou ausgesinn, dass Lëtzebuerg mat an déi Iwwerleeungen agebonne géif ginn, fir e Réseau transeuropéen à grande

vitesse op d'Been ze stellen. Dat kann een op den éischten Ableck och novollzéien, wann een d'Taille vun eisem Land gesäit an och dee Marché, dee mer als Land duerstellen. D'Topographie vun eisem Land a vun de Regioune ronderëm eis ass och net där einfachster eng fir elo ouni Weideres déi Eisebunnsachsen driwwer fueren ze loossen.

Nach ass et awer esou, an dat hu mer als Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports och am Rapport, deen ech elo virstellen, ënnerstrach, datt mer mat den Auteure vum Projet de loi d'accord sinn, wa se soen, dass et jo net kënnt sinn, dass eng Regioun wéi de Saar-Lor-Lux, Rheinland-Pfalz an d'Province de Luxembourg (Belsch) vun deem Réseau à grande vitessse géing ausgeschloss bleiwen.

Mir als Chamber hunn och an enger Motioun den 30. November 1989 zum Ausdrock bruecht, wéi wichteg et eis schéngt, dass eist Land un dee Réseau à grande vitesse ugeschloss géing ginn. 1989 sinn dunn och déi éischt Verhandlunge mat deene franséischen Autoritéiten opgeholl ginn, fir dass d'Stad Lëtzebuerg direkt iwwer Metz un den TGV Est géing mat agebonne ginn. D'Verbindungen, déi deemools ugestrieft gi waren, waren déi fir op Paräis an op Stroossbuerg ze kommen.

En éischte Protocole d'accord konnt dunn 1992 tëschent deene jeeweilegen Transportministeren ënnerschriwwe ginn. Dee Protokoll huet véier Aller-Retoure fir d'Verbindunge Lëtzebuerg-Paräis a Lëtzebuerg-Stroossbuerg virgesinn. D'finanziell Contributioun vu Lëtzebuerg huet sech deemools op 450 Millioune franséisch Frangen zu de Konditioune vun 1989 chiffréiert. Den 1. Abrëll 1992 ass dunn och den Décret vun der franséischer Regierung publizéiert ginn, deen den TGV Est op de Schéma directeur des liaisons ferroviaires à grande vitesse gesat huet. Doropshi gouf am September 1993 d'Décision de principe geholl fir d'Realisatioun vum TGV Est. Et war awer leider esou, dass d'franséisch Regierung dunn aus finanzielle Grënn décidéiert hat de Projet vum TGV Est an zwee ze splécken.

Ech erspueren Iech elo d'Detailer, déi Der am Rapport in extenso noliese kënnt, wéi d'Tracéë vun deemools festgeluecht gi waren. Tatsaach ass, an dat ass och de Stand vun haut, dass an enger éischter Phas eng nei Linn vun der Région parisienne bis Baudrecourt, am Süde vu Metz, realiséiert gëtt. Déi zweet Phas gesäit vir, an domadder géing dann och den TGV Est finaliséiert ginn, dass d'Linn vu Baudrecourt weidergefouert gëtt bis op Vendenheim, dat sech nëmmen e puer Kilometer am Norde vu Stroossbuerg befënnt. Dat huet natierlech als Konsequenz, dass Lëtzebuerg bis zur Realisatioun vun där zweeter Phas op eng TGV-Verbindung op Stroossbuerg leider verzichte muss.

De 14. Mee 1996 ass de Projet vun der franséischer Regierung d'utilité publique erkläert ginn. De 7. November 2000 ass d'Convention de financement vun der éischter Etapp vum Projet zwëschen dem franséische Stat, dem RFF (réseau ferré de France), der SNCF an deene verschiddene betraffene Collectivités territoriales an och dem Grand-Duché vu Lëtzebuerg ënnerschriwwe ginn.

Bei där Geleeënheet ass och déi finanziell Contributioun vu Lëtzebuerg an d'Luucht gesat ginn. Wa se sech - also ech schwätze vun der Contribution financière - wéi schonns am Ufank gesot op 450 Millioune franséisch Frang belaf huet, da waren et du 770 Millioune franséisch Frangen, zu de Konditiounen ëmmer nach vun 1997. Am September 1999 sinn dunn d'Verhandlungen zwëschen de franséischen an de lëtzebuergeschen Autoritéiten ënnert deenen neie Prémissen opgeholl ginn a konnten dunn erfollegräich ofgeschloss ginn, esou dass et den 28. Januar 2002 zu der Signature vun deem Protocole d'accord komm ass, dee mer och elo mat dësem Projet de loi ëmsetze wäerten.

Dir erlaabt mer, net bis an dee leschten Detail op déi verschidden technesch Detailer vun der Streckeféierung anzegoen, genausou wéi op déi verschidden Aménagementer op der Lëtzebuerger Säit. Déi Interesséiert kënnen dat am schréftleche Rapport an allen Detailer noliesen. Nëmmen esou vill: D'Verdueblung vun der Streck Beetebuerg-Lëtzebuerg, déi jo och Bestanddeel vun der Strategie mobilitéit.lu ass an där hiren Avantprojet sommaire amgaangen ass ausgeschafft ze ginn, wäert et erlaben d'Streck Zoufftgen-Lëtzebuerg ze entlaaschten, wat jo eng vun deene meescht benotzte Strecke vun eisem nationalen a vun eisem internationalen Trafic op de Schinnen ass.

Op der Gare hei an der Stad ginn och déi néideg Aménagementer virgeholl, fir den TGV an d'Gare erafueren ze loossen. Och ginn Infrastrukture geschafe fir méi kleng Routinentretienen un deene kommenden TGVe maachen ze kënnen. All déi Aarbechten, déi op Lëtzebuerger Säit realiséiert ginn, si bien entendu net an där finanzieller Contributioun dran, mat där sech Lëtzebuerg um TGV bedeelege wäert. Déi mussen extra bezuelt ginn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Wat elo déi finanziell Contributioun ubelaangt, esou ass Folgendes am Protocole d'accord festgehale ginn. Si beleeft sech op eppes méi oder manner wéi 141 Milliounen Euro, dat heescht 117,3 an eppes Milliounen zu de Konditioune vun 1997, wouvun all Joers en Deel soll bezuelt ginn en fonction vum Avancement vun den Aarbechten, déi op der Streck geleescht ginn.

Et handelt sech hei ëm eng eemoleg Contributioun, wat den TGV Est-Européen ubelaangt, an déi franséisch Partie huet sech och engagéiert op eng weider Contributioun fir déi zweet Phas ze verzichten. Déi franséisch Partie dréit och de Risque commercial am Fall vun enger defizitärer Exploitatioun vun dësem TGV. De weideren Detail heizou bieden ech Iech och am schréftleche Rapport nozeliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi éischt Phas vum TGV Est soll am Joer 2007 a Betrib geholl ginn. Wat elo d'Zuchverbindunge vu Lëtzebuerg op Paräis ubelaangt, esou gëtt jo den Temps de parcours vun haut, deen ëm dräi Stonne läit, op zwou Stonnen a fofzéng Minutte verkierzt. De Protocole d'accord gesäit och indikativ Plage-horairë vir. Um Départ vu Lëtzebuerg wär en TGV um 6 Auer moies, een ëm 9 Auer, ëm 12 Auer mëttes an een ëm 17 Auer nomëttes. Um Départ zu Paräis wär dat 6 Auer moies, 8 Auer moies, 16 Auer an 19 Auer.

Wat elo d'Zuchverbindunge Lëtzebuerg-Stroossbuerg ubelaangt, esou gëtt do den Temps de parcours, wann dann déi zweet Phas realiséiert ass, vun elo eppes méi wéi zwou Stonnen op eng Stonn a 25 Minutte verkierzt. Bis dat de Fall ass, hält de Protocole d'accord fest, dass op d'mannst véier Aller-Retourë pro Dag de Voyageuren zur Verfügung stinn. Ausserdeem ass jo och festgehale ginn, dass d'SNCF an d'CFL sech engagéieren, fir zesummenzeschaffen an an deem Sënn och d'Qualitéit vun deene Servicer, déi an den Zich ugebuede ginn, ze verbesseren.

D'Verbindung Lëtzebuerg-Stroossbuerg gëtt mer awer d'Stéchwuert, fir nach eng Kéier op déi europäesch Dimensioun vun dësem Projet ze schwätzen ze kommen.

Un éischter Stell muss ee wëssen, dass dräi Projeten, déi an eisen Nopeschlänner realiséiert solle ginn, en direkten Afloss op eist Land hunn. Dat ass engersäits d'Verbindung Paräis-Bréissel-Köln vum TGV Nord, de Bau vun enger neier Héichgeschwindegkeetsstreck tëschent Köln a Frankfurt, an den TGV Est-Européen mat senger Verlängerung a Richtung Süddäitschland. An deenen Iwwerleeunge spillt d'Erweiderung vun der Europäescher Unioun natierlech eng wichteg Roll.

Wéi Der aus dem Rapport erausliese kënnt, mécht den internationalen Eisebunnstrafic laanscht d'Donau elo scho 60% vum gesamten Trafic aus. D'Europäesch Kommissioun ass dofir der Meenung, dass eng nei Eisebunnsachs mat enger grousser Capacitéit fir de Fret, dat heescht de Wuerentransport, mä awer och fir d'Voyageuren, dat heescht Stuttgart-München bis Salzburg-Linz-Wien soll gebaut ginn. D'Europäesch Kommissioun schléisst och eng Erweiderung vun der Streck a Richtung Budapest, Bukarest an Istanbul net aus.

Déi Propositioune bauen op der Perspektiv op, dass soubal wéi d'Streck Stuttgart-Mannheim a Betrib ass, d'Erweiderung vun der Stroossbuerger Streck bis Mannheim et erlaabt, den TGV Est un d'Streck Stuttgart-München a Salzburg-Linz-Wien unzebannen, esou dass een dann eng „grande magistrale transeuropéenne" hätt vu Paräis bis op Wien. Wann een dat héiert, dann ass et kloer, dass Lëtzebuerg net à l'écart stoe ka vun deenen Entwécklungen, a mat der Verbindung un den TGV Est-Européen ass dat Zil och erreecht.

Mä nach ass et esou, dass déi Verbindung, och wann se vu gréisster Wichtegkeet ass, nëmmen en Deel vun deenen Héichgeschwindegkeetsstrecken ausmécht, déi a Richtung vun deenen europäesche Stied sinn an déi à moyenne distance zu Lëtzebuerg leien. D'Commission de l'Energie, de l'Economie, des Postes et des Transports ënnerstëtzt dofir den Transportminister a sengem Bestriewe fir mat senge franséischen a belschen Homologuen e Projet ze realiséieren, deen d'Verbindung tëschent Bréissel, Lëtzebuerg a Stroossbuerg, besser bekannt ënnert dem Numm Eurocap-Rail, verbessere soll.

Den Temps de parcours vu Bréissel op Stroossbuerg iwwer Lëtzebuerg kéint esou vun haut véier an eng hallef Stonne bei där beschter Verbindung op dräi Stonne verkierzt ginn. Fir dat ze erreeche misst natierlech engersäits déi zweet Phas vum TGV Est-Européen esou schnell wéi méiglech realiséiert ginn, an anerersäits misst de Projet, deen den Transportminister mat de belschen Autoritéite fir de Réaménagement vun der Streck Lëtzebuerg-Bréissel ausgeschafft huet an deen den Temps de parcours op där Streck op eng an eng hallef Stonn géing verkierzen, och ëmgesat ginn.

D'Commission de l'Energie, de l'Economie, des Postes et des Transports bedauert et dofir och, dass de President vum Groupe à haut niveau, den Här Van Miert, dee vun der Europäescher Kommissioun d'Missioun kritt huet fir déi prioritär Projeten am Kader vun de Réseaux transeuropéens ze definéieren, net gewëllt ass de Projet Eurocap-Rail op d'Lëscht ze setze vun deene prioritäre Projeten. Mir ënnerstëtzen dofir ausdrécklech dem Transportminister seng Efforten um Niveau vun der Europäescher Kommissioun, fir dass de Projet Eurocap-Rail awer op déi Lëscht kënnt. Mir brauchen dat!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen ech konnt zur Genüge duerstellen, wéi wichteg d'Realisatioun vum TGV Est-Européen fir Lëtzebuerg ass an doriwwer eraus och fir Europa. Lëtzebuerg muss och hei seng Plaz an Europa confirméieren a behaapten, an déi Plaz steet Lëtzebuerg och zou als Grënnungsmember vun der Europäescher Unioun.

Eng héich qualitativ Eisebunnsverbindung tëschent deenen dräi europäeschen Haaptstied ass vu grousser Importenz an ass net vu Muttwëll, wann ee bedenkt wéi vill europäesch Beamten eleng all Woch tëschent deenen dräi Haaptstied zirkuléiere mussen. Lëtzebuerg ass bereet säin Deel dozou bäizedroen, a mir begréissen dat. Ech géing ofschléissend d'Chamber bieden dëse Projet de loi ze stëmmen, an ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Norbert Haupert agedroen. Den Här Haupert huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Norbert Haupert *(CSV).*- Här President, de Rapporteur John Schummer ass am Detail op dëse Projet agaangen. Ech wëll hien och dofir félicitéieren, an dofir géing ech mech mat e puer méi allgemengen Iwwerleeungen hei zefridde ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Entwécklung vu grousse Wirtschaftszentren huet sech säit jeehier op dem Schnëttpunkt vu grousse Verkéiersachse gemaach. Schnell a kammoud Verbindungen zu anere groussen Entwécklungspolen sinn eng wichteg Tromp an eiser heiteger Gesellschaft vu Globaliséierung a schnellen Décisiounen. Lëtzebuerg als international unerkannte Finanzplaz, als Zenter vun de Satellitekommunikatiounen an europäesch Haaptstad mat wichtegen europäeschen Institutiounen als Sëtz kann do keng Ausnahm maachen.

Allze laang hu mer gemengt, datt den Auto an de Fliger déi wichtegst Déplacementsmëttele vun der Zukunft géingen duerstellen: Den Auto, deen de Monopol vum Noverkéier géing anhuelen, an de Fliger, deen ausschliesslech fir länger Strecke géing benotzt ginn. An déi zwee géingen sech de Mëttelverkéier ënnereneen deelen.

Mat engem gewëssen Erfolleg hu mer et och fäerdeg bruecht, Lëtzebuerg mat deene meeschten europäeschen Zentren duerch d'Luucht ze verbannen. Och um Plang vun dem Stroossennetz sinn d'Autobunnsnetzer vun eisen Nopeschlänner esou verlaf, datt mer et einfach haten eist Land un den europäeschen Autobunnsréseau unzebannen. Nëmmen am Beräich vun der Eisebunn ass de Fortschrëtt laanscht eist Land gelaf.

Net datt mer bei eis näischt ënnerholl hätten, schliesslech hu mer eist Gesamtnetz elektrifizéiert a mir hunn och finanziell zu der Elektrifikatioun vun der Nordstreck op där anerer Säit vun der Grenz, dat heescht op dem belschen Deel bäigedroen, an awer ass d'Entwécklung vun eisem Eisebunnsnetz am Kontext vun enger gesamt europäescher Strategie wäitgehend vun de Prioritéite vun eisen Nopeschlänner ofhängeg gemaach ginn.

Well d'Prioritéite vun eisen Nopeschlänner no internen, ekonomesche Kritären erstallt goufen, war et kloer, datt net nëmmen déi nei Linnen am Ausland laanscht Lëtzebuerg géinge lafen, mä datt den Trafic op deene klassesche Linnen, wéi zum Beispill d'Verbindung Bréissel-Lëtzebuerg-Stroossbuerg-Basel-Italien, a Fro gestallt géif ginn.

Här President, de Fliger an den Auto, déi also laang als wichteg Transportmëttele vun der Zukunft ugekuckt goufen, sinn d'Affer vun hirem eegene Succès ginn. D'Stauen op eisen Autobunnen an d'Retarden am Loftverkéier hu mat sech bruecht, datt den Zuch ëmmer méi attraktiv fir de Mëttel- an esouguer fir de Laangstreckeverkéier ginn ass. D'Entwécklung vun dem TGV, also dem Train à grande vitesse, huet wäitgehendst zu dësem Revirement bäigedroen.

Fir Déplacementer tëschent Paräis a Bréissel, Paräis a Lyon oder souguer Paräis a London zéie vill Leit den TGV vir, well se sech bequem an den Zuch kënne setzen an hir Dossiere studéiere kënnen an net andauernd aus dem Taxi op de Flughafen, vum Flughafen an de Fliger, vum Fliger erëm op de Flughafen an an den Taxi sech beweegen, wat eng dauernd Hetz ausübt, esou datt se net emol d'Méiglechkeet hu sech richteg an en Dossier kënnen anzeknéien.

Leider huet dat europäescht TGV-Netz sech net zu Gonschte vu Lëtzebuerg développéiert. D'Verbindungen tëschent Paräis an dem däitsche Réseau ginn iwwert d'Linn Paräis-Bréissel-Léck-Köln-Frankfurt, respektiv iwwert den TGV Est, deen de Kolleeg John Schummer elo beschriwwen huet, also iwwer Stroossbuerg via Mannheim hiergestallt. Doduerch riskéiert, wéi scho gesot, d'Streck Bréissel-Lëtzebuerg-Stroossbuerg-Basel-Italien e groussen Deel vu sengem Trafic ze verléieren. Dobäi stoung déi Verbindung awer op der éischter Prioritéitslëscht vun dem Groupe à haut niveau, dee vun der europäescher Kommissioun agesat gi war an deen e Schéma directeur fir en europäeschen TGV-Réseau sollt hierstellen. Leider gouf en do erofgeholl, well vu belscher Säit keen allze groussen Intérêt un där Streck gewise gouf, obschonns Lëtzebuerg d'Ugebuet gemaach hat, sech finanziell un dem Deel vun der Streck tëschent Lëtzebuerg an Namur ze bedeelegen.

Sécher géing et keen TGV tëschent Bréissel a Lëtzebuerg ginn, awer ëmmerhin en Zuch, dee mat enger Vitesse bis zu 200 km d'Stonn fuere kann. De Groupe à haut niveau ënnerscheet jo och a sengem Pabeier am europäeschen TGV-Réseau dräi Typë vu Linnen.

1. D'Linnen, déi esou équipéiert si mat Material, datt se mat enger Vitesse vun iwwer 250 km/h kënne befuer ginn, also déi regelrecht TGV-Linnen.

2. Linnen, déi mat Material bis zu Vitessë vun 200 km/h aménagéiert sinn. Déi Linn Lëtzebuerg-Bréissel géing dorënner falen an

3. aner Linnen, déi dem Réseau ugeschloss sinn.

Déi verschidden Typë vu Linne sollen esou équipéiert sinn, datt den Niveau de compatibilité technique genügend ass, datt de Gesamtréseau ka befuer ginn, ouni dass eng Rupture de charge op de Grenze gemaach brauch ze ginn.

Déi Streck Bréissel-Lëtzebuerg hätt sech also ideal an dat gesamt europäescht Netz integréiert. Et gëtt een heiansdo de Gedanken net lass, wéi wann eis westlech Nopere Lëtzebuerg wëllten ignoréieren, fir nach méi Servicer a Ministeschréit vu Lëtzebuerg op Bréissel ze delokaliséiere mat dem Argument, datt d'Verbindungen tëschent deenen zwou Haaptstied onméiglech wieren. Dofir kënne mer eis Regierung nëmmen encouragéiere weider Drock op deen Dossier ze maachen.

De Projet, dee mer haut hei stëmme sollen, ass also en éischte Schratt an d'Ubannung vun eisem Eisebunnsnetz un dat europäescht TGV-Netz, e Projet, deen eis Fraktioun och bereet ass wéinst all deenen Iwwerleeungen ze stëmmen.

Ech wëllt awer ofschléissend hei ervirhiewen, datt mer nach eng weider Méiglechkeet hätte fir d'Ubannung un dat europäescht TGV-Netz ze garantéieren, an zwar, wéi den Här Schummer scho gesot huet, iwwert den TGV Nord, also d'Streck Paräis-Bréissel-Léck-Köln-Frankfurt, iwwer eis Nordstreck zu Léck. Ech géif eiser Regierung un d'Häerz leeën dee Projet net aus den Aen ze verléieren,

well mam Projet TGV Est mer elo eng Verbindung kréien, déi zu Lëtzebuerg an enger Sakgaass lant. Mat der Verbindung un den TGV Nord an der Verbesserung vun der Streck Lëtzebuerg-Bréissel hätte mer eng méi vernetzte Verbindung zu dem europäeschen TGV-Netz, wat fir eis Haaptstad, awer och fir eist ganzt Land vun enger Wichtegkeet wier, déi mer net ënnerschätze sollen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

M. Marc Zanussi *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet, dee mer haut diskutéieren, ass e Projet bei deem eng ganz Rei vu Milliounen Euro an d'Schinneninfrastruktur investéiert ginn. Ech wëllt awer hei bemierken, dass een och bei deenen Investissementer do net däerf vergiessen, dass am Laf vun deene leschte Jorzéngten d'Eisebunnsinfrastruktur an d'Eisebunn insgesamt op europäeschem Plang ganz staark vernoléissegt gi sinn an dass se vis-à-vis vun der Strooss a vis-à-vis vun der Loftfaart nach munches opzehuelen hunn. An ech denken, dass mer mat deem Schratt hei ee klenge Bäitrag dozou leeschten, fir déi Defiziter, déi mer do hunn, lues a lues kënnen opzeschaffen.

Wann een d'Dokument vun dem Projet liest, da kléngt et och schonn e bësselchen nostalgesch wann een am Exposé des motifs liest, dass 1804 déi éischt Lokomotiv mat 5 km an der Stonn gefuer ass, bis hin zum Zuch Tokaïdo, deen op Osaka gefuer ass mat enger Geschwëndegkeet vun 210 km/h, bis hin zu alleguerten deenen aneren Héichgeschwindegkeetszich, déi an Däitschland an a Frankräich nach erfonnt gi sinn a funktionéieren, a wann een awer den technesche Fortschrëtt, deen d'Eisebunn an deenen dote Jore gemaach huet, a Verglach setzt an a Relatioun setzt mat dem technesche Fortschrëtt, deen an der Automobilindustrie an an der Fligerindustrie gemaach ginn ass, da stellt ee fest, dass dee Fortschrëtt zwar beuechtlech ass, mä dass awer nach eng Rei vun Defiziter do bestinn.

Dee Projet, dee mer elo haut stëmmen, huet effektiv eng ganz laang Virgeschicht. D'Verhandlunge sinn 1989 ugaangen. Si hunn ënnert dem Transportminister Robert Goebbels zesumme mam franséischen Transportminister, dem Här Bosson, ugefaangen. Si si weider gefouert gi mat der Transportministerin Mady Delvaux, déi mam Här Gayssot verhandelt huet, bis se dann den 28.1.2002 duerch den Här Grethen ofgeschloss gi sinn.

D'Parlament huet och am Laf vun deene Jore sech méi wéi eng Kéier mat där doter Fro beschäftegt. Ech hunn nogekuckt an nogelies, dass mer effektiv 1989 en Débat d'actualité hei iwwert dat internationaalt Schinnennetz haten. Et ass och deemools eng Motioun verabschiet gi mat 54 Jo-Stëmmen a fënnef Enthalungen, wou déi deemoleg Regierung opgefuerdert ginn ass, sech staark ze maache fir dee Réseau do mat hëllefen auszebauen a fir och ze garantéieren, dass Lëtzebuerg en Uschloss un deen dote Réseau huet.

Am Rapport vum Gesetz iwwert d'Eisebunnsinfrastruktur 1995 hu mer schonn op d'Noutwendegkeet vun deem internationale Raccordement vu Lëtzebuerg un den TGV Est opmierksam gemaach an an deem Rapport ass och kloer iwwert déi absolut Noutwendegkeet vun deenen internationale Schinnenéseauen an hir Bedeitung fir d'Eisebunnswiesen niddergeschriwwen an opmierksam gemaach ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet huet awer niewent där laanger Virgeschicht, déi en hat, och eng ganz turbulent Virgeschicht gehat, well bei deem éischte Projet, deen erauskomm ass, Lëtzebuerg eigentlech iwwerhaapt net tangéiert ginn ass. Deen éischte Projet sollt am Süde laanscht Nanzeg fueren, an dee sollt dann direkt op Stroossbuerg fueren. Domat wären déi 470.000 oder 480.000 Leit vu Lëtzebuerg en plus déi 7 Millioune Leit aus der Groussregioun ausgeschloss gewiescht, an 1997 ass et esouguer esouwäit gaangen, dass de Projet vun der franséischer Eisebunn praktesch ofgeschoss ginn ass an eréischt konnt reaniméiert ginn duerch eng politesch Décisioun vun dem deemolege Chef vun der franséischer Regierung.

De Contournement vu Lëtzebuerg, deen deemools am Raum stoung, ier Lëtzebuerg ugebonne war, war d'Resultat vun enger reng kommerzieller Logik, déi dorobber gefousst huet, dass een eigentlech fir de Lëtzebuerger Territoire Recettë vu 7 bis 8% hätt missen aféiere fir där kommerzieller Logik do gerecht ze ginn. Dat ass dee Moment net méiglech gewiescht an dofir ass den Uschloss vu Lëtzebuerg an där Logik deem dote Raisonnement zum Affer gefall. Mir hunn dat schonn 1993 bei dem Projet iwwert d'Elektrifizéierung vun der Stréck Gouvy op Rivage kritiséiert an opmierksam gemaach drop, dass déi kommerziell Logik do net eleng ausschlaggebend ka si fir esou Décisiounen ze huelen.

De Bewäis, mengen ech, dass bei Eisebunnsfroen an Infrastrukturfroen, déi d'Eisebunn betreffen, eng reng kommerziell Logik, wann et ëm d'Intérête vun de Leit an de Regiounen an an engem Land geet, net eleng ka spillen, ass dee beschte Beweis am Zesummenhank mat deem heite Projet an ech géing mer wënschen, dass déi Astellung, déi hei geherrscht huet, och bei dëser Regierung, bei dësem Transportminister herrscht elo an an Zukunft, wann et ëm Infrastrukturprojeten am Persouneberäich vun der Lëtzebuerger Eisebunn an och a Froe vum Gidderstransport bei der Lëtzebuerger Eisebunn geet, wa mer dee Moment hei an der Chamber driwwer diskutéieren an och gefuerdert sinn eng Rei vun Décisiounen ze huelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op d'Virdeeler, déi dee Projet hei huet mat sengen Uschlëss, mat senge Reduktiounen an der Fahrzäit ass de Rapporteur virdrun agaangen. Ech wëllt dat hei am Detail net nach eng Kéier widderhuelen. Ech wëllt ëm awer nach eng Kéier merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, déi e virgeluecht huet an ech wëllt awer och hei nach eng Kéier déi successiv Transportministeren, de Robert Goebbels, d'Mady Delvaux an den Henri Grethen félicitéiere fir déi Aarbechten, déi se geleescht hunn, mat dem Resultat, dass mer den Uschloss un d'Netz vum TGV Est garantéiert kréien an domadder als Lëtzebuerger Land an deem wichtege Réseau vun deenen internationalen Héichgeschwëndegkeetsréseauen agebonne bleiwen.

D'Konsequenzen heivunner, déi wäre katastrophal gewiescht wann dat net geschitt wier. Net nëmmen d'Tatsaach, dass mer dann deen Uschloss net gehat hätten, mä dat hätt och dozou gefouert, dass eng Rei vu bestoende Verbindunge lues a lues ausgedënnt gi wieren a sech op déi nei Strecke verluecht hätten, wat fir eis katastrophal gewiescht wär.

Et muss ee ganz kloer soen, dass deen heite Projet jo och als Konsequenz huet, dass an Zukunft nei Méiglechkeete sech opdinn, dass nei Verbindungen, ënnert anerem zum Beispill a Richtung Schwäiz, Süddäitschland, Norddäitschland, Regioune vu Frankräich méiglech ginn. An dofir ass et bei der Diskussioun iwwert dat internationaalt an europäescht Héichgeschwëndegkeetsnetz wichteg, dass d'Regierung, den Transportminister besonnesch, déi Entwécklung ganz no suivéiert, oppasst dass do näischt geschitt an näischt décidéiert gëtt wat am Contraire zu den Intérêtë vum Lëtzebuerger Land ass. Ee falsche Strich op der Landkaart oder eng falsch Prioritéit ka fatal Konsequenze fir eis hunn.

Esou muss een zum Beispill d'Entwécklung ëm de Knotenpunkt Koblenz ganz kloer am A behalen, deen duerch déi Devaloriséierung, déi en an deene leschte Joren erfuer huet, eng ganz Rei vu Problemer mat sech brëngt, an et ass och dohier, denken ech, wichteg, dass d'Regierung dee Projet vun der Streck Saarbrécken Richtung Mannheim ganz staark ënnerstëtzt, als Kompensatioun fir déi Defiziter déi duerch den Ofbau vum Knotenpunkt Koblenz entstane sinn. Dobäi kënnt och d'Tatsaach, dass neit Material absolut noutwendeg wär op der Streck tëschent Tréier a Köln, an och déi Streck misst ausgebaut gi fir deen Defizit do ofzedecken, woubäi een allerdéngs muss wëssen, dass déi dote Projete finanziell nach iwwerhaapt net ofgeséchert sinn.

Ee weidert Element an deem internationalen Héichgeschwëndegkeetsnetz ass d'Fro vun der Elektrifizéierung gewiescht vun der Streck Lëtzebuerg-Léck, déi 1993 op der Lëtzebuerger Säit ofgeschloss ginn ass a wou et glécklecherweis am Joer 2000 och zu der Elektrifizéierung vun deem Deel op der belscher Säit komm ass. Dat war eng wichteg Viraussetzung fir a Richtung TGV Norden iwwer Léck Richtung Norddäitschland fueren ze kënnen. Dat ass also hei absolut Noutwendegkeet gewiescht fir dat doten ze realiséieren.

Dann awer och nach e puer Wuert zu där fir eis dach wichteger Verbindung Richtung Bréissel respektiv Richtung Stroossbuerg. Et ass e puermol schonn hei ugeschwat ginn, an effektiv konnt een ënner anerem am Tageblatt den 19. Juni liesen, dass de Karel Vinck, de Generaldirekter vun der SNCB, gesot huet, dass eigentlech d'Moderniséierung fir déi dote Streck fir si keng absolut Prioritéit huet an op spéider sollt verluecht ginn, obwuel, wéi virdrun och gesot ginn ass vum Här Haupert, Lëtzebuerg sech bereet erkläert huet un der Moderniséierung vun där Streck um belschen Territoire deelzehuelen.

D'Reeszäit, déi sollt mat der Moderniséierung vun där doter Streck vun zwou Stonnen an 42 Minutten op eng Stonn an 30 Minutte reduzéiert ginn, wat fir déi Leit, déi se musse benotzen, eng ganz grouss Zäiterspuernis gewiescht wier, an d'Moderniséierung vun deem doten Deel Streck, dat muss ee wëssen, ass eng absolut Viraussetzung fir d'Reesstreck tëschent deenen dräi Stied Bréissel-Lëtzebuerg-Stroossbuerg iwwerhaapt kënnen ze reduzéieren.

D'Moderniséierung vun deem doten Deel Streck ass ee Bestanddeel gewiescht, an ass et och elo nach, vun deem Projet Eurocap-Rail, vun deem jo virdrun nach geschwat ginn ass. Bedauerlech ass d'Tatsaach, dass de President vun dem europäeschen Aarbechtsgrupp, de Karel Van Miert, deen déi doten Diskussioune leet an eigentlech och responsabel ass fir d'Festleeë vun de Prioritéiten, an dësem Projet eigentlech keng Prioritéit gesäit, wat bedauerlech ass. An et muss ee jo och bemierken an dësem Zesummenhang, dass net nëmme bis elo dat keng Prioritéit ass, mä och d'Tatsaach, dass déi Verbindung tëschent Bréissel, Lëtzebuerg a Stroossbuerg am Laf vun deenen nächste Joren nach soll ausgedënnt ginn: Déi lescht Direktverbindung tëschent deenen dräi Stied soll am Joer 2006 total ofgeschaaft an agestallt ginn, an déi lescht Nuetsverbindung tëschent deenen dräi Stied soll vum Dezember dëst Joer un net méi funktionéieren.

Ech hunn dann och um Internetsite vun der Lëtzebuerger Regierung gelies, dass den Transportminister de 4. an de 5. Juli zu Neapel op engem informellen Treffe vun den europäeschen Transportministere war, dass e sech do géint dee Rapport ausgeschwat huet, aus der Tatsaach eben eraus, dass deen Eurocap-Rail-Projet do net zu de Prioritéite gehéiert. Den Transportminister huet, esouwäit ech dat do konnt novollzéien, déi Diskussioun nach eng Kéier ugefacht an dee Projet nach eng Kéier zur Diskussioun bruecht. Et konnt een och liesen an der Deklaratioun vun dem 7. Sommet vun der Groussregioun, dass do och an der Déclaration commune, déi do drasteet, ganz kloer bemierkt gëtt, dass dee Projet do eng absolut Prioritéit muss hunn. An op der Televisioun konnt ee jo och d'Ausso vum Här Juncker héieren, deen do ganz kess behaapt huet, dass, esou wéi déi Hären dat do géinge plangen, dat net kéint geschéien, a mir géingen eis do massiv wieren. Et wär vläicht interessant wann den Transportminister eis herno nach e puer Informatiounen iwwert den aktuelle Stand vun där doter Diskussioun kéint liwweren.

Interessant bei deem ganze Projet vum TGV ass awer och ee kuerzt Wuert ze verléieren iwwert déi ökonomesch Konsequenzen, déi deen dote Projet huet. An et ass scho ganz beuechtlech, wann ee weess dass eleng duerch de Phenomeen vum TGV an der Zäit vun 1990 bis 2010 Aarbechtsplazen, temporaire Aarbechtsplazen zwar geschaaft ginn an der Zuel vun 280.000, an dass fest Aarbechtsplazen an där doter Period geschaaft gi vu 711.000 Aarbechtsplazen. Wat dach awer fir esou ee Projet ganz enorm ass, ofgesinn emol vun der Tatsaach, dass e sech op 320 Milliarden Euro beleeft an där doter Period an am Joer 2010, wann déi Previsiounen da sollte stëmmen, 3,8% vum europäesche PIB soll ausmaachen.

Dann, mengen ech, wann deen dote Projet realiséiert ass, besonnesch och a Frankräich, huet den Zuch eng eeschthaft Chance e seriöe Konkurrent vis-à-vis vun der Fligerei ze sinn, dat spéitstens am Joer 2006. A wann een da gesäit, dass, wat d'Previsioune vun de Voyageure jo och ubelaangt, dovunner ausgaange gëtt, dass déi vu 6,7 op 11,5% solle klammen, an dass sech erwaart gëtt, dass 52% vun deene Leit, déi haut nach de Fliger huelen, an Zukunft den Zuch huelen, an 48%, déi elo mam Auto fueren, och an Zukunft nach sollen den Zuch huelen, da sinn dat optimistesch Schätzungen. Ech géing eis wënschen, dass se an Erfëllung trieden, am Intérêt vun alleguerten deenen déi sech mat der Mobilitéit beschäftegen.

Dann awer vläicht e puer kritesch Bemierkungen zu deem Lëtzebuerger Deel an zu där Lëtzebuerger Streck. Mir hunn als Fraktioun jo schonn e puermol hei drop higewisen, dass mer fäerten dass där bestoender Streck, och wa se elo verbessert gëtt an d'Capacitéit mat deene Modifikatiounen ëm 20% soll an d'Luucht gesat ginn, hir Capacitéit awer nach an Zukunft Schwieregkeete wäert kréien. Et muss ee jo wëssen, dass wann de Güterverkéier an Zukunft iwwert d'Südstreck gefouert gëtt, deen och iwwer Beetebuerg muss fueren, dass wa mer e Modal-split erreeche wëllen, dee vun der Regierung ëmmer avancéiert gëtt, dass mer zousätzlech Zich brauchen, an et dierft jo eigentlech awer herno net de Fall sinn, dass den TGV zu Beetebuerg an der Gare muss hale fir aner Gidderzich laanscht ze loossen an da mat 60 km/h an d'Stad ze tuckeren. Dat, mengen ech, kéinte mer eis als Land net erlaben an dofir menge mir weiderhin, dass et eigentlech besser gewiescht wär der Neibaustreck eng absolut Prioritéit ze ginn an derfir ze suergen, dass déi parallell mam Projet TGV fäerdeg gestallt wier. Am Rapport vun der Kommissioun gëtt dovunner geschwat, dass no deenen Aménagementer och eng nei Streck soll gebaut ginn. Eiser Meenung no ass dat awer ze spéit a kann zu Problemer féieren.

Dann e puer Wierder nach zu de Garen, déi et am Zesummenhang mat deem dote Projet international gëtt. Do gëtt am Exposé des motifs och vun den Usprécher geschwat, déi un d'Garë gestallt ginn. Do gëtt gesot, et solle Pôles d'accueil sinn, d'Intermodalitéit soll favoriséiert ginn, si solle komfortabel sinn, d'Accessibilitéit soll schnell a sécher kënne geschéien, den Accès zu de Garë soll performant beschëldert sinn an esou weider an esou fort. Or, ech stelle fest, dass déi Lëtzebuerger Garen deenen Usprécher do net gerecht ginn, besonnesch och net d'Gare Lëtzebuerg. Am Projet steet dann och libelléiert, wat dann d'Usprécher un d'Lëtzebuerger Gare, un d'Gare an der Stad solle sinn. Si sollen de Remisage garantéieren, et solle kleng Reparature kënne gemaach ginn, de Ravitaillement soll gemaach ginn an den Accueil vun der Clientèle soll optimal garantéiert ginn.

Ech fäerten, dass den aktuelle Stand vun der Infrastruktur dat doten net erlaabt an dass och d'Gleisinfrastruktur et net erlaabt den TGV esou ze emfänken, wéi dat fir eng modern Gare de Fall ass, an dofir menge mir och, dass déi Aménagementer an d'Investissementer an d'Gare vun der Stad Lëtzebuerg, eiser Aschätzung no, eng absolut Prioritéit sollte sinn. Et gëtt ëmmer dovunner geschwat, dass deen Atelier, deen do steet, ofgerappt gëtt an en neie Centre de maintenance gebaut gëtt. Domadder wär jo Plaz fir déi Gare do anstänneg ze aménagéieren.

An deene Projeten, déi mer déi lescht Zäit gestëmmt hunn, wou ganz vill Suen an d'Eisebunnsinfrastruktur investéiert ginn, si keng Suen dra fir déi Aménagementer an der Lëtzebuerger Gare ze maachen, an ech denken, dass et awer noutwendeg wier fir eng Rei vun Aarbechten ze maachen, ier den TGV an der Gare do kann empfaange ginn.

Eng lescht Bemierkung ass déi vum Entretien. Am Exposé des motifs steet dann och dran, wou d'Maintenance vun deenen TGV-Ramë gemaach gëtt. Et ginn zwee Siten do an d'Fënster gestallt. Dat eent ass Bobigny Pantin a Frankräich, wou de Contrôle technique an den Nettoyage gemaach gëtt. Dat anert ass Neudorf an der Géigend vu Stroossbuerg, wou kleng technesch Kontrolle gemaach ginn a wou d'Garagë si vun den TGV-Ramën.

Ech wollt och hei d'Fro stellen, vu dass mir jo en neie Centre de maintenance bauen, deen e ganze Koup Geld kascht, ob et net méiglech gewiescht wär iwwert de Wee vun enger Konventioun derfir ze suergen, dass mir och hei zu Lëtzebuerg een Deel vun deenen Entretiensaarbechten do hätte kënne maachen. Dat misst jo denkbar sinn. Wann een en Atelier nei konzipéiert an nei plangt, da wär et jo och vläicht denkbar gewiescht, dass déi Aarbechten, déi a Frankräich gemaach ginn, och zu engem Deel kéinten hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn. Dat wär fir d'Personalstruktur, fir d'Aarbechtsplazsituatioun hei zu Lëtzebuerg sécherlech näischt Abwegiges gewiescht. Ech weess net, ob et denkbar gewiescht wier, ech ka mer et awer virstellen, dass et méiglech gewiescht wär, an ech wollt vläicht hei de Minister froen, ob sech doriwwer Gedanke gemaach ginn ass, an ob dat ënner Ëmstänn nach eng Kéier kéint an d'A gefaasst ginn.

Ofschléissend an als Konklusioun wéilt ech hei bemierken, dass et tëschent der Regierung an eis als Partei eng ënnerschiddlech Aschätzung gëtt iwwert dat, wat prioritär op der Eisebunn sollt gemaach ginn. Mir hunn dat an enger Rei vun Discoursë schonn hei zum Virschäi bruecht.

Dee Projet, deen elo hei gestëmmt gëtt, ass awer e wichtege Maillon an eng richteg Décisioun fir d'Eisebunnswiesen hei zu Lëtzebuerg an d'Garantie dofir, dass mer als Lëtzebuerger Land un deem dote Projet an un deem Héichgeschwindegkeetsnetz do ugeschloss sinn. Dofir wäerte mer och selbstverständlech dee Projet hei stëmmen an ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de John Schummer, deem ech expressis verbis wëll félicitéiere fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, huet an allen Detailer den technesche Volet vum TGV Est an der Ausschaffung vun der Konventioun beliicht an ech ka mech virun allem nëmmen enger Saach uschléissen, dat ass de Félicitatioune vun eiser Fraktioun un de Minister, deen d'Négociatioune ronderëm den TGV endlech zu Enn féiere konnt. Am Rapport konnt ee jo liese wéi laang dass dës Négociatioune gedauert hunn, wéi schwiereg datt se munchmol waren an et ass duerfir gutt, dass se ënnert dëser Regierung endlech emol zu engem Schluss koumen.

Ech mengen och, dass dee Wee vun den Négociatiounen, dee gewielt gouf, e gudde war. Mir konnten nämlech feststellen, dass dës Regierung sech wäert finanziell bedeelegen um Bau vun dësem TGV, mä alles wat Exploitatioun a Frais d'entretien sinn, déi wäerten zu Laaschte vu Frankräich sinn an ech mengen, ouni datt ech den Detail vun den Négociatioune kennen, dass dëst eng gutt an eng richteg Optioun war, déi eist Land geholl huet. Dofir wëll ech och direkt soen, dass ech perséinlech dem Här Zanussi seng Demande oder seng Ureegung fir ze soen, „kommt mir maachen och den Entretien TGV hei am Land, oder hätte mer dat net kënne maachen oder solle maachen", ouni datt ech wéi gesot den Detail vun den Négociatioune kennen, keng esou eng gutt fannen.

Ech sinn der Meenung, dass den TGV eng ganz Panoplie Avantagë fir eist Land huet. Den TGV ass attraktiv. En ass e modernt Kommunikatiounsmëttel. En ass séier, bequem, gesäit gutt aus, en ass sécher, en ass ëmweltschounend an ech mengen, esouguer de gréissten Autosfreak, dee spëtzt awer d'Ouere wann hie vum TGV héiert, wann hie weess mat wat fir enge Vitessë gefuer gëtt, a wéi séier a wéi gutt datt d'Verbindunge kënnen dee Moment sinn tëschent zwee respektiv tëschent méi Punkten, wann hien net nëmme vun A op B, mä och nach eventuell op C wëllt reesen.

Fir eisen nationalen Transport ass et vu gréisster Wichtegkeet, datt mer international eng richteg Ubannung hunn. National ass eisen Transport per Bunn natierlech ganz wichteg fir eist Land, mä et feelt em awer un Attraktivitéit, wa mer net déi international Ubannung hunn. An ech mengen, dass bei all Transport, dee mer organiséieren hei am Land, ëmmer den internationalen Aspekt extrem wichteg ass, net ze ënnerschätzen ass, an dofir sinn ech och der Meenung, dass den TGV fir eis eng Noutwendegkeet ass.

Den TGV ass ganz bestëmmt eng Konkurrenz fir de Fliger, wann et sech ëm bestëmmten Distanzen dréint. Sinn et ze vill kleng Distanzen, ass et natierlech net interessant an ab bestëmmten Distanzen ass de Fliger erëm méi attraktiv. An ech wëll hei dorunner erënneren, dass den TGV och fir eis als Demokratesch Partei eng bestëmmte Sequenz vum Transport en commun beleet, mä ech mengen, et ass an eiser Transportpolitik ëmmer esou gewiescht, dass mer soen, den Individualverkéier an den Transport en commun mussen esou ausgebaut ginn, dass se attraktiv si fir jiddereen an ech mengen, mobilitéit.lu, déi Objektiver, déi dës Regierung sech ginn huet, fir den Transport en commun attraktiv ze maachen, si wichteg. Si sollen awer an der Harmonie tëschent alle Verkéiersméiglechkeeten an Transportméiglechkeete bleiwen.

Den TGV ass eng Noutwendegkeet. Ech mengen, fir d'Stad Lëtzebuerg, an dat ass vu méi wéi engem Riedner heibannen ënnerstrach ginn, ass et absolut noutwendeg, datt mer déi Ubannung hunn. D'Stad Lëtzebuerg ass eis Haaptstad an et ass eng vun deene wichtegsten Haaptstied, déi mer hei an Europa hunn. Also muss d'Ubannung vun der Stad garantéiert sinn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Ech däerf och drun erënneren, dass Lëtzebuerg eng vun deenen dräi Haaptstied ass niewent Bréissel a Stroossbuerg. A wa mir och gären hätten, dass mer nach eventuell nei Administratiounen, ech denken un europäesch Administratiounen, hei unzéien, dass eis Stad do attraktiv bleift, muss se kënnen ugebonne ginn, an an den Négociatioune muss ee kënnen ufëieren, dass mer als Stad eng gutt Ubannung un dat internationaalt Schinnennetz hunn.

Dann ass d'Stad Lëtzebuerg natierlech och eng Finanzplaz an et ass wichteg, dass Geschäftsleit, Banquieren an aner Geschäftsleit gutt Verbindungen hunn tëschent deenen international wichtege Polen. Och fir d'Land Lëtzebuerg ass den TGV wichteg. Natierlech, dat Land Lëtzebuerg wäert manner den Ausléiser, wann net esouguer iwwerhaapt net den Ausléiser gewiescht sinn, fir dass iwwerhaapt déi TGV-Est-Verbindung gesicht ginn ass vun eisem Land, mä nach sinn ech der Iwwerzeegung, dass och fir den Individuellen den TGV eng interessant Transportméiglechkeet ass.

Ech mengen, et ass ugefouert gi wéi vill Verbindungen dass mer wäerte kréie mam TGV-Netz op Stroossbuerg an op Paräis. Deen eenzege Wonsch, deen ech dann nach wäert hinzufügen, dat ass fir ze soen, ech hoffen och, dass déi national Verbindungen agebonne ginn an déi international Verbindunge vum TGV Est, fir dass et och an Zukunft interessant ass, fir am Land an den Zuch ze klamme bei enger noer Gare, fir bis an d'Stad ze kommen an do den TGV ze huelen. Well ass den Transport net méi bequem a séier, da sinn d'Leit erëm séier an der Versuchung fir ze soen: Allez hopp, amplaz den Ëmwee an dat Ëmgesteigs ze maachen, huelen ech awer léiwer den Auto an ech fuere bis dohinner wou ech wëll.

Den TGV, däers musse mer eis bewosst sinn, ass deier. 117 Milliounen Euro kascht de Projet esou wéi en eis haut virläit fir deen Deel, deen da soll an deem Beräich gebaut ginn, also méi um franséische Réseau. Mä nach musse mer eis bewosst sinn, datt mer och mussen national Investissementer maachen. Ech denken un den Ausbau vun der Linn Beetebuerg, mä ech denken natierlech och un den Ausbau an déi néideg Adaptatiounen hei an der Gare an der Stad. Dat sinn Investissementer, déi mer musse maachen, a wann ech gesinn, wéi breet datt d'Zoustëmmung hei am Parlament fir de Projet ass, da musse mer eis och bewosst sinn, datt mer och duerno déi néideg Prioritéite musse setzen.

Den TGV Est geet an d'Richtung Stroossbuerg-Paräis, mä et feelt eis een Aarm an der ganzer internationaler Transportpolitik, oder besser gesot, d'Attraktivitéit vun engem Réseau, vun enger Ubannung, déi feelt eis nach, dat ass nämlech déi fir op Bréissel. Dat ass den Eurocap-Rail, deen den Nomëtteg ewell vum…

***(Interruption)***

Jo, deen och, mä ech hat elo méi un déi dräi europäesch Haaptstied geduecht, an déi Ubannung dohinner, déi feelt eis op alle Fall, do feelt d'Attraktivitéit nach ëmmer. Ech mengen, et ass méiglech déi Attraktivitéit auszebauen, an och do musse mer dann den néidege Wëlle fannen.

Ech stelle fest, datt an enger Lëtzebuerger Dageszeitung elo gesot gëtt, datt Bréissel Doppeldeckerwagonë wäert asetzen um belsche Schinneréseau. Dat wäert natierlech zur Attraktivitéit vun deem Réseau bäidroen, an ech begréissen och dës Initiativ, mä nach duerf dat op kee Fall en Argument si fir ze soen: Mä elo ass den Eurocap-Rail jo net méi grad esou wichteg.

Au contraire, déi Argumenter, déi een ufëiert en faveur vum TGV Est, déi kann een am Fong geholl och gebrauche fir den Eurocap-Rail, an ech mengen, dass och do muss d'Prioritéit gesat ginn. De Minister huet aus den Aussoen heibannen eraus héieren, dass hie vum Lëtzebuerger Parlament déi néideg Réckestëtz kritt, fir dass dës Zuchverbindung déi néideg prioritär Behandlung kritt.

An dann erlaabt mer nach zum gudde Schluss eng Remarque ze maachen. Wann ee gären hätt, dass d'Transportverbindungen tëschent de Stied interessant sinn a gutt gebraucht ginn, da muss et och esou sinn, dass déi verschidde Stied selwer och hiren interne Verkéier esou regelen, dass et interessant ass, fir op den Transport en commun zréckzegräifen. Ech erkläre mech vläicht méi prezis. Wa mer haut bereet sinn den Zuch ze huele fir op Bréissel, respektiv op Stroossbuerg, fir elo just déi zwou europäesch Haaptstied ze nennen, dann ass dat och nëmmen interessant wann een dann zu Bréissel op där Plaz ukënnt, wou ee gären ukënnt a wann een do an der Stad selwer uerdentlech Verbindungen huet, respektiv en uerdentlechen Transport en commun, an dat nämlecht gëllt fir Stroossbuerg, well soss ass et net interessant.

Demzufolge ass et och extrem wichteg, dass mir hei an der Stad a besonnesch an eisem klenge Ländchen dann och eisen Transport en commun, sief et elo mam Bus, sief et mam Zuch, deementspriechend ausbauen.

***(Interruption)***

Här Gira, ech kennen den Tram zu Stroossbuerg. En ass gebaut ginn, wéi ech do op der Uni war. Et muss een awer analyséiere vu Stad zu Stad wat fir en Transport en commun interessant ass. Ech mengen, do loosse mer déi Instanzen dorunner schaffen, déi dat besser kënne bewäerte wéi ech.

Dat waren déi Iwwerleeungen, déi ech am Numm vu menger Fraktioun wollt zu dësem Projet de loi maachen. Ech brauch Iech net ze verheemlechen, dass eis Fraktioun dëse Projet wäert stëmmen. Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, vun eiser Säit och e grousse Merci un all déi, déi un dësem Projet matgeschafft hunn. Mat dësem Gesetz gëtt en Ofkommes ugeholl, wat eis Regierung scho mat de franséischen Autoritéiten den 28. Januar 2002 ënnerschriwwen hat. Lëtzebuerg bedeelegt sech finanziell um Bau vum Schinnennetz op der franséischer Säit fir de Betrib vum TGV ze erméiglechen.

Geplangt ass dat hei. Vun 2006 u soll op enger Streck fir op Paräis bis an d'Louthréngescht den Zuch mat enger Vitesse vu bis zu 350 km/h fueren. Mat der Verbesserung vum Streckennetz Lëtzebuerg-Metz, haaptsächlech am Bezuch op d'Sécherheet an d'Vitesse, däerf dann d'Rees tëschent Paräis a Lëtzebuerg net méi wéi zwou Stonnen an eng Véirels daueren; esou krute mer gesot. Op Stroossbuerg geet et dann nach wéi ëmmer weider mat eppes iwwer zwou Stonnen. Eréischt nom Bau vun der zweeter Phas kënnt dës Zäit op eng Stonn a 25 Minutte reduzéiert ginn. Dass den Uschloss vum nationalen Eisebunnsnetz un den internationale Schinneverkéier eng Noutwendegkeet ass fir eist Land, brauch kengem méi extra erkläert ze ginn.

Den ADR huet bei der Virstellung vu sengen Iddie fir e Gesamtverkéierskonzept dësen Uschloss als eng vun de wichtegste Strecken agesat. An den Texter vum Transportministère si Sënn an Zweck, d'Virdeeler vun esou enger rapider Zuchverbindung fir Lëtzebuerg ausféierlech opgezielt ginn. Den ADR kann dës Aussoen nëmmen ënnerstëtzen. Ech muss awer drop hiweisen, dass et net duer geet theoretesch Reeszäiten ze verkierzen, fir dass aus deem heitege vereelste Bunnbetrib en effikassen, verlässlechen a bezuelbare Service gëtt, deen och gären a vill vun de Clientë benotzt gëtt.

Aner wichteg Viraussetzunge sinn och ze erfëllen. Wat d'Bedreiwen, d'Exploitatioun ubelaangt huet den ADR sech schonn duerfir ausgeschwat, dass dëst no wirtschaftleche Kritäre misst geschéien. Haut ass dat net esou an ech erënneren drun, dass d'EU-Kommissioun Lëtzebuerg nach virgeworf huet, verschidde Richtlinnen an deem Sënn net ëmgesat ze hunn. Dëst ass sécher och ee vun de Grënn, firwat dass d'Bunn et net fäerdeg bréngt méi Clienten unzezéien a rentabel ze fueren.

Wann een d'Streikfreedegkeet vun de franséischen Eisebunner gesäit, da kann een Zweifel kréien, ob déi virgenannten Ziler vum effikasse Service ënnert den heitegen Ëmstänn erfëllt kënne ginn. Besonnesch wann een da gesäit, dass eis national Eisebunnergewerkschaften trotz wäitaus bessere Lounbedingunge wéi hir franséisch Kolleege grad deenen hir schlecht Streikmethoden elo och nach bei eis agefouert hunn.

Zum Käschtepunkt vun dësem Projet nach dat hei. De Käschtepunkt läit bei 141 Milliounen Euro, bal 5,7 Milliarden aler Frang. Bezuelt gëtt an Tranchen, déi am Detail am Rapport opgefouert sinn. Am Budget vun 2003 vum Extrafong fir international Uschlëss vun der Eisebunn stinn eppes iwwer 37 Milliounen Euro. Et feelen also eng etlech där Milliounen Euro an der Statskeess an et wär wichteg, wann den Här Minister eis géif soe wéi de finanziellen Zäitplang dann op der Säit vum Opfëlle vun der Keess géif ausgesinn a wou déi Suen agespuert solle ginn.

Ech muss drun erënneren, dass dës Regierung ouni realiséierbaren zäitlech fest geluechte Finanzplang dëse Mee iwwer 50 Milliarde fir Eisebunnsinfrastrukture verplangt huet, déi och net am Fong fir Schinnebau ze fanne sinn. Dann huet d'Regierung nach weider deier Projete vir. Ech erënneren un den Tram op de Kierchbierg oder un d'Streck op Bréissel.

Dofir nach eng Kéier en Appel un d'Regierung, e kompletten a bezuelbaren, en zäitlech definéierte Finanzplang virzeleeën.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, dass déi franséisch Autoritéiten hiren ursprüngleche Projet aus finanzielle Grënn zréckgestallt hunn an duerno an zwou Phasen opgedeelt hunn. An der éischter Bauphas sollt am Ufank e wichtegt Deelstéck vun der Verbindung vu Paräis op Stroossbuerg net gebaut ginn. Eréischt an enger zweeter, méi spéider Bauphas sollt dann dat feelend Zwëschestéck geplangt sinn. Elo gesäit et esou ass, dass d'Streck vu Paräis bis op Baudrecourt, südlech vu Metz, an der éischter Bauphas läit an de Rescht vum Projet bis bei Stroossbuerg an der zweeter.

Wat dës zweet Phas ubelaangt, esou hu mir keen Zäitplang a keng Informatioun, ob de Stat och hei eppes bäileeë wëllt. Elo stellt sech natierlech d'Fro, ob déi franséisch Säit net nach eng Kéier aus finanziellen oder anere Grënn dee ganze Projet a Fro stellt. Do kënne mer just hoffen, dass eist Land mam Transportminister dat néidegt Gewiicht opbréngt, fir esou Problemer entgéint ze wierken.

Ee Wuert nach zur TGV-Streck Nord, vu Bréissel iwwer Léck a Richtung Köln. Mir fannen, fir Lëtzebuerg wier eng Verbindung nördlech un dëst Netz och wichteg a froen den Transportminister, ob et trotz finanziellen Enkpäss Iwwerleeunge gëtt, am Land an doriwwer eraus, déi Streck an deem Sënn auszebauen. Net ouni un all dës Revendicatiounen ze erënneren, gëtt den ADR säi Jo fir dëse Projet.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, et ass net fir d'éischt an dëser Chamber, dass mer iwwert den TGV Est schwätzen. Ech hoffen awer, dass et, zumindest wat d'Streck Paräis-Metz-Lëtzebuerg ubelaangt, fir d'lescht ass wou mer driwwer schwätzen. Fir de Rescht woen ech mech net auszeschwätzen.

Et ass esou, dass, wat d'international Ubannung ubelaangt vum Lëtzebuerger Schinnennetz respektiv och iwwerhaapt wat d'Prioritéiten ubelaangt am Schinneverkéier, ech virun zwee Méint hei eng ganz Stonn geschwat hunn. Ech kënnt natierlech nach eng Kéier alles widderhuelen. Well ech Iech dat awer erspuere wëll, wëll ech Iech just einfach soen, datt mer mat deem Deel, deen haut zur Diskussioun steet, kee Problem hunn, an datt mer deen och wäerte stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Transportminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt alle Riedner a ganz besonnesch dem Rapporteur merci soe fir säi Rapport respektiv fir hir Beiträg, an de verschiddenen Deputéierten, déi intervenéiert sinn, merci soe fir déi breet Zoustëmmung, déi se zu dësem Projet bréngen.

E Projet, dee jo schonn Ufank der 90er Jore vun der deemoleger Lëtzebuerger Regierung ugegraff gi war, an deen elo vun dëser Regierung finaliséiert ginn ass. Et war jo ursprünglech esou, dass sollt eng TGV-Verbindung tëschent Paräis, Metz a Stroossbuerg gebaut ginn, an d'Lëtzebuerger Regierung hat och op deem Projet zougestëmmt fir eng finanziell Contributioun ze ginn.

Ursprünglech louch se bei 450 Milliounen deemoleger franséische Frangen a si ass duerch d'Indexatioun op 550 Milliounen erop-

gaangen. Nodeem et awer feststung, dass déi franséisch Säit zesumme mat de Regiounen de Finanzement net konnte boucléieren a jiddferengem seng Part an d'Luucht gaangen ass, ass och eis Part an d'Luucht gaangen op 770 Millioune franséisch Frang, 117 Milliounen Euro, an dat fir déi ganz Streck, wëssend awer, dass eise Bäitrag ausbezuelt gëtt um éischten Deel vun der Streck.

Dat kléngt elo ganz komplizéiert, mä einfach duergestallt: Mir hunn en Accord mat der franséischer Regierung fir eise Bäitrag iwwert d'ganz Streck, bezuelen en awer op der Realisatioun vum éischten Deel vun der Streck tëschent Paräis a Metz, fir op dem Här Greisen seng Fro ze äntwerten. Ech hoffe fest, dass d'Streck Stroossbuerg-Metz gebaut gëtt, dass se esou séier wéi méiglech gebaut gëtt, an déi franséisch Säit huet jo och schonn eng ganz Rei vun Initiative geholl.

Esou ass zum Beispill duerch Dekret vum franséische Conseil d'Etat, de 14. Mee 1996, d'Streck tëschent Vaires-sur-Marne a Wendenheim am Bas-Rhin d'utilité publique erkläert ginn, an an der Réunion ministérielle vum 29. Januar 1999 ass d'Consistance vun der éischter Phas definéiert ginn. Wéini elo d'Aarbechten op där Streck uginn, kann ech der Chamber net soen. Dat échappéiert och mengem Kompetenzberäich. D'franséisch Autoritéiten hunn eis versprach oder hunn an Aussiicht gestallt, dass esou séier wéi deen éischten Deel vun der Streck realiséiert wier, dat heescht op der Halschent vun 2007, dass dann deen zweeten Deel géif an Ugréff geholl ginn. Mä fir den zweeten Deel - wéi gesot - vu Metz bis op Stroossbuerg, fir et emol esou auszedrécken, ass keng Contributioun vun der Lëtzebuerger Säit an Aussiicht gestallt, et ass och keng gefrot.

Deen Accord, dee mir hunn, geet iwwert d'ganz Streck. Deen Accord seet jo ënner anerem, dass mer Temps de parcours kréie vun 2007 un tëschent der Gare Lëtzebuerg a Paräis vun zwou Stonnen a 15 Minutten, wou dee beschtméiglechen Temps de parcours am Moment dräi Stonnen a 25 Minutte bedréit. An op där anerer Säit, dass mer, wann déi Streck bis ausgebaut ass tëschent Metz a Stroossbuerg, dann och do en Temps de parcours vun enger Stonn a 25 Minutten hätten, géint zwou Stonnen an zéng Minutten, mengen ech, elo op deem beschte Parcours, dee virgesinn ass.

Den Här Greisen, Här President, huet dann natierlech e Problem ugeschwat, deen delikat ass, fir net méi ze soen. Dat ass dee vum Plan de financement. Ech sinn net midd ginn hei an der Chamber ze ënnersträichen, dass bei enger Rei vun deene Projeten, mat deenen ech d'Chamber befaasst hunn, de Finanzement net assuréiert ass. Ech wëll ënnersträichen, dass fir dëse Projet de Finanzement assuréiert ass. Am Fonds d'investissement pluriannuel fir déi international Zuchubannunge sinn am Moment, mengen ech, 115 Milliounen Euro elo schonn dran, a wa mer wëssen, dass mer bis 2007 Zäit hunn, da wäerte mer dat duerch déi normal Dotatioune bewerkstellege kënnen.

Wat aner Infrastrukturen ugeet, do ass et ganz sécher esou, dass mer net wäerten derlaanscht kommen, deen een oder deen aneren Emprunt opzehuelen. Ech gesi wierklech net wéi dat soss méiglech wier, well déi Investissementer sinn esou konsequent. Mir si jo elo amgaangen op der Polvermillen un der Bréck ze schaffen; déi Bréck steet iwwer honnert Joer. Wann een elo also eng nei Bréck op der Polvermille baut an der Eisebunnsinfrastruktur, dann ass dat eng Infrastruktur déi net fir e Joer gebaut gëtt, mä déi gëtt awer fir e puer Jorzéngte gebaut, an ech mengen, dass do de Recours op Emprunte justifiéiert wier. Do gëtt jo dann d'Chamber och agebonnen, fir dat ze maachen.

Ech muss Iech awer och soen, Här President, an ech wëll Iech dat net verheemlechen, ech hunn der Chamber et schonn e puer Mol gesot, dass ech mer ganz vill Gedanke maachen iwwert d'Situatioun, d'Exploitatioun op der Eisebunn selwer. Et huet een d'Méiglechkeet de Kapp an de Sand ze stiechen, et huet een d'Méiglechkeet fir sech keng Gedanken ze maachen an ze soen: Alles geet weider, wéi et bis elo gaangen ass. Da muss een awer wëssen, dass een, wann een dee finanz-techneschen Term vun EBIT wëllt gebrauchen, dass een awer en negativen EBIT huet pro Joer, an do sinn da schonn all déi Surcoûten, déi iwwert d'Gesetz vun 1997 ofgedeckt ginn, mat agerechent, vun ongeféier 40 Milliounen Euro, an dass een en negative Cash-flow op der Lëtzebuerger Eisebunn vun 30 Millioune pro Joer huet. Dat kann ee sech net Jorzéngte laang leeschten.

All déi Saachen, all déi Exploitatiounsdefiziter ginn natierlech op Käschte vun den Investissementer an et muss ee wëssen, dass den Assainissement financier vun der Eisebunn e Käschtepunkt huet. Menge Schätzungen no läit dee Käschtepunkt iwwert déi nächst zéng Joer wäit iwwer enger Milliard Euro. Dat muss ee wëssen. D'Chamber muss wëssen iwwer wat geschwat gëtt. A wann een deen Assainissement wëllt maachen, da muss ech Iech soen, wann ech elo e Chiffer annoncéiert hunn, dee wäit iwwer enger Milliard Euro läit, da muss een awer wëssen, dass do enorm Efforte vun de Mataarbechter vun der Eisebunn verlaangt ginn. Do geet et net nëmme mat Schweess duer. Do fléisst méi, wann een dat wëllt maachen. Et kann een awer och de Kapp an de Sand strecken, an Här President, ech hunn d'Impressioun, dass eng ganz Rei Leit sech léiwer nach wëllen iwwer e puer Joer retten an näischt maachen, quitte dass dann duerno näischt méi méiglech ass.

Well däerf ech d'Chamber drun erënneren, dass et jo esou ass, dass et eng Separatioun tëschent der Infrastruktur an der Exploitatioun gëtt. D'Lëtzebuerger Land kann à terme ouni CFL liewen, mä net ouni Eisebunn, fir mech kloer auszedrécken.

Wa mir eng Infrastruktur hätten, déi „state of the art" wier, an do sinn Investissementer noutwendeg, déi wäit iwwer zwou Milliarden Euro leien, da kann een no deene Regelen, wéi se nun eemol opgestallt sinn an Europa - ech hu géint den zweete Paquet ferroviaire gestëmmt; ech sinn deen éischte Lëtzebuerger Transportminister deen zu Bréissel géint d'Liberaliséierung gestëmmt huet an ech weess firwat ech dogéint gestëmmt hunn -, wann een also eng Infrastruktur hätt, déi „state of the art" wier, oder déi Infrastruktur déi mir elo hunn, déi „state of the art" ass - wat d'Sécherheet ugeet, ass se ganz sécher excellent, an et gëtt kee Réseau an den Nopeschlänner deen esou sécher ass wéi de Lëtzebuerger Réseau, dat woen ech ze behaapten, mä do kënnen dann aner Leit driwwer fueren.

Wa muer Arcelor décidéiert - well déi Chifferen déi ech Iech éineschtes genannt hunn, dat si Chifferen, déi vun optimisteschen Hypothesen ausginn, déi dovun ausginn, dass déi Cliente bleiwen -, fir net méi mat der Lëtzebuerger Eisebunn ze fueren, mä zum Beispill d'franséisch oder d'belsch Eisebunn ze chargéieren déi Trafiken duerchzeféieren, dann ass de Fret zu Lëtzebuerg fort. Da brauch d'Lëtzebuerger Eisebunn kee Fret méi ze féieren. Do kënne mir hei Hochstänn drécken, een nom aneren - a fir mech ass dat jo net einfach -, mä dat bréngt näischt.

***(Interruption)***

Ech mengen, ech loossen et léiwer sinn, et wär e bëssen zevill drolech. Et ass scho schlëmm wann ech Golf spillen, Här President. Et komme schonn drolech Fotoen dobäi eraus, déi net mam Tiger Woods ze verwiessele sinn.

Mä, Här President, Spaass bei Säit, wann zum Beispill d'Lëtzebuerger Eisebunn nëmmen ee Client wéi Arcelor verléiert, dann ass de Fret a Gefor. Dat muss ee wëssen. Déi maachen 80% vum Chiffre d'affaires aus. An dat sinn déi Situatiounen, mat deene sech e Gestionnaire awer emol muss auserneesetzen. An dat ass jo den Zweck vun der Operatioun gewiescht, wou ech d'Lëtzebuerger Eisebunn gefrot hunn, fir sech mat deene Geforen oder mat deene Szenarioen auserneenzesetzen, fir ze kucke wat kënnt dobäi eraus kommen. Ech wollt dat bei dësem Projet gesot hunn, well wa Mëtt 2007 a scho vläicht éischter, d'TGV-Zich an der Gare Lëtzebuerg ukommen an do erëm fortfueren, dann ass dat fir deen eenzelne Bierger formidabel. Wat d'Lëtzebuerger Eisebunnsgesellschaft CFL dovunner huet steet op engem ganz anere Blat.

Ech kréie gesot vum honorablen Här Zanussi, Här President, mir missten och nach eppes an der Gare Lëtzebuerg maachen. Meng Virgänger hu scho ganz vill Efforte gemaach fir dass d'Gare Lëtzebuerg soll uerdentlech ausgesinn. Si ass moderniséiert ginn, si ass amelioréiert ginn, et si Konschtwierker drakomm, fir et esou convivial wéi méiglech ze maachen. Mat der Stad Lëtzebuerg zesumme si mer amgaangen ze kucke wéi mir d'Organisatioun virun der Gare Lëtzebuerg kënne maachen. Et ass natierlech e bësse méi komplizéiert wéi op der Gare Biekerech, Här President. D'Busgare zu Biekerech, Här President, ass e bësse méi einfach ze organiséiere wéi d'Gare Lëtzebuerg.

Mä ech warnen d'Chamber virun all deenen, déi op dës Tribün kommen a soen: Il n'y a qu'à.

***(Interruptions diverses)***

Ah jo, selbstverständlech! Här President, wann ech vun enger Verbesserung schwätzen, dann ass et haaptsächlech vun enger Verbesserung vun de Betribsofleef an der Gare selwer. Dir kënnt net en TGV, en Tram, e Fret, an nach e Passagéierzuch niewenteneen, iwwerteneen, matenee funktionéiere loossen. Mir brauchen do e Betribskonzept , an un deem si mir amgaangen ze schaffen, an ech kann dëser Chamber garantéieren, dass wann deen éischten TGV an d'Gare Lëtzebuerg eraleeft vu Paräis aus, dass dann dee Betribskonzept och steet.

***(Interruption)***

Här President, an der nächster Regierung kann dann den Oppositiounsdeputéierten Zanussi den Transportminister Grethen beim Wuert huelen. Wann et 2007 net klappt, da muss ech natierlech meng Responsabilitéit iwwerhuelen, mä ech kann Iech versécheren, den TGV wäert an der Stater Gare 2007 alafen; sollten d'franséisch Partner mat Zäit fäerdeg sinn, wäert och op Lëtzebuerger Säit alles klappen.

Här President, den Här Zanussi huet mech och gefrot: Wéi ass et dann elo mat deenen eenzelne Verbindungen? Wéi klappt dat op der Streck? Muss net den TGV waarden an der Gare Beetebuerg, well e Fretzuch op der Linn ass?

Ech muss Iech soen, Här President, och dat gehéiert zum Betribskonzept an och dofir wäerte mer suergen, dass den TGV Prioritéit huet par rapport zu aneren Zich.

Här President, ech gesinn, meng Riedezäit ass erschöpft. Et wär op déi vill Froen, déi gestallt gi waren, nach ganz vill ze äntweren. Ech wëll Iech just soen, dass ech alles gemaach hunn, Här President, zesumme mam Statsminister alles gemaach hunn, fir dofir ze suergen, dass och d'Linn Bréissel-Lëtzebuerg eng Prioritéit kritt. Wuel huet dee Groupe à haut niveau, deen ënnert der Presidentschaft vun dem Här Karel Van Miert, engem fréiere belsche Kommissär an och Minister, getagt huet, géint d'Stëmme vun de Vertrieder vu Lëtzebuerg a Belgien d'Streck Lëtzebuerg-Bréissel net an d'Prioritéitelëscht gesat, obschonns se schonn am Rapport Kristoffersen dra war.

Ech kann Iech soen, mir hate Kontakter souwuel mam franséischen Transportminister, dem Här Gilles de Robien, wou ech de leschte Mount war, wéi déi Réunioun zu Neapel leschte Weekend, déi Der zitéiert hutt, wou ech och nach mat der Madame de Palacio, där zoustänneger Kommissärin geschwat hunn, déi mer verséchert huet, dass si alles wäert maachen, op alle Fall der Kommissioun wäert proposéieren, dass déi Streck Lëtzebuerg-Bréissel an d'Kommissiounspropositiounen era kënnt. An dann, wann dat ass a wann déi belsch Regierung d'accord ass fir Efforten do ze maachen, och finanziell Efforten, da muss ee sech iwerleeën ob Lëtzebuerg och een Intérêt huet, dorunner ze participéieren. Un eis soll et op alle Fall net scheiteren.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo iwwert dat virleiend Gesetz of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Marco Schank), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Alex Bodry, Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Marc Zanussi), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da kéime mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5018 iwwert d'Verwaltung vum Enregistrement. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké, Graas a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Haupert.

## 4. 5018 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'administration de l'Enregistrement et des Domaines

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet iwwert d'Réorganisatioun vum Enregistrement verfollegt véier Objektiver.

Den éischten ass dee vun der Kreatioun vun engem Service antifraude. Zënter der Ofschafung vun de Grenzen tëschent de Länner vun der Europäescher Unioun huet sech e System vun organiséierter Steierhannerzéiung hei an Europa breet gemeet, deen de Memberstaten héich Verloschter am Beräich vun den TVA-Recetten an d'Konkurrenzverzerrung um Niveau vun der Circulatioun vun de Capitauxe mat sech bruecht huet. D'europäesch Kommissioun huet dorophin décidéiert, fir e gemeinsame System vun Austausch vun Informatiounen an der administrativer Kooperatioun tëschent de Verwaltunge vun deenen eenzelne Länner am Beräich vun der TVA ze organiséieren, an och virgeschloen, datt all Land e Service antifraude soll kreéieren an organiséieren.

Esou ee Service brauch Leit an deene verschiddene Spezialitéiten, an deene verschiddene Beräicher, wéi der internationaler Gesetzgebung, wéi der Gestion comptable a besonnesch am Beräich och vun der Informatik. An dofir gesäit de Projet och vir, an dat ass en zweeten Objektiv vum Projet, d'Aféierung vun der Carrière vum Informaticien diplômé an dem Expéditionnaire informaticien, an der Carrière moyenne an an der Carrière inférieure vun der Administratioun. D'lescht Joer hu mer hei e Gesetz gestëmmt, wou mer den Informatiker an der Carrière supérieure agefouert haten. Vu dass awer dee Service Informatiker op deenen dräi Niveaue brauch, gesäit dëse Projet also vir, fir déi Fonctiounen och an der Carrière moyenne an an der Carrière inférieure anzeféieren.

En drëtten Objektiv ass dee vun der Ëmännerung vun der Compositioun vun der Direktioun a besonnesch d'Ofschafe vun der Limite vun der Zuel vun de Fonctionnairen an der Carrière supérieure vun der Administratioun. Bis elo war et esou, dass d'Universitairen nëmmen an der Direktioun konnte beschäftegt ginn an dass d'Zuel vun den Universitairen op zéng limitéiert war. Dat huet der Verwaltung e Manktum u Flexibilitéit ginn, a besonnesch mengen ech mat der Schafung vun neie Servicer wéi dem Service antifraude brauch d'Verwaltung och Universitairen net nëmmen an der Direktioun, mä och an den eenzelne Servicer, esou dass den drëtten Objektiv vun dem Projet also deen ass, der Verwaltung méi Flexibilitéit ze verschafen.

E véierten a leschten Objektiv, an e wichtegen, ass dee vun der Erhéijung vun der Zuel vun de Posten hors cadre an der Carrière moyenne vu sechs op 15, an d'Schafe vun esou Posten hors cadre an der Carrière inférieure. Dir wësst, dass grad esou wéi an der Steierverwaltung den Avancement an der Verwaltung vum Enregistrement meeschtens iwwer e Changement de service geschitt. Ech mengen, dat

ass eng gutt Saach déi ee begréisse muss, well besonnesch déi Leit dann net hiert Liewe laang am selwechte Service dra bleiwen, mä am Fong geholl duerch d'ganz Verwaltung am Laf vun hirer Carrière zirkuléieren.

Dat huet awer en Nodeel besonnesch bei spezielle Posten, bei Poste mat speziellen Attributiounen, wéi beim Collège des inspecteurs, wéi dem Service antifraude, dee mer duerch dëst Gesetz kreéieren, dem Service de législation, an dem Beräich vun den internationale Relatiounen a besonnesch am Service du contentieux. Do brauch ee Leit déi ageschafft sinn, déi déi néideg Erfahrung hunn. Dat si meeschtens d'Adjointë vun dem Chef vun deem Service, a wann de Chef also vum Service an d'Pensioun geet, da muss een eng Persoun mat Erfahrung hunn, déi dee kann ersetzen.

Fir also ze verhënneren, datt déi Adjointen, déi déi néideg Erfahrung hunn, sech elo an en anere Service versetze loossen, wa se gären eng Promotioun hätten, ginn am Fong geholl déi Posten hors cadre kreéiert.

De Conseil d'Etat huet zu dësem Punkt eng Opposition formelle gemeet, well déi néideg Informatiounen, déi néideg Prezisiounen him gefeelt hu wat déi Posten ubelaangt, a besonnesch wat de Käschtepunkt vun dëser Mesure ubelaangt.

Mëttlerweilen huet d'Regierung awer Prezisiounen, wat déi Posten ubelaangt, a besonnesch och d'Fiche financière vun dëser Mesure era gereecht, esou dass d'Kommissioun der Meenung ass, datt déi Poste mat Sécherheet noutwendeg sinn, a si géing och de Statsrot invitéiere fir seng Décisioun, wat déi Opposition formelle ubelaangt, ze rektifizéieren.

Ofschléissend wéilt ech mol nach besonnesch de Leit aus der Administratioun villmools merci soen, a besonnesch dem Här Mathis Mellina fir déi Prezisiounen, déi e mer ginn huet, fir dee Rapport hei kënnen ze rédigéieren. D'Kommissioun huet dee Rapport och mehrheetlech ugeholl a si proposéiert der Chamber, den Text esou ze stëmme wéi e virläit, an ech géing och heimat d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kann den zoustännege Minister - ech weess net ob ech esou ka soen - berouegen, ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun zu deem heite Projet de loi. Ech hunn awer deen een oder anere Regret, deen ech awer hei wëll ausdrécken.

Deen éischten ass deen, dass mer hei elo e Service schafe géint d'Fraudes um Niveau vun der TVA. Dogéint kënnt eis Fraktioun net sinn, vu dass se schonn itérativement dat do gefuerdert huet.

Ech wëll awer elo drop verweisen, dass mer 1997 och higaange sinn an eng besser Zesummenaarbecht gefrot hunn, fir ze kucken, ob een net déi zwou Administratioune soll fusionéieren, zumindest op der TVA an op den direkte Steieren. Ech hunn deemools probéiert duerzeleeën, dass ee mat enger gudder Kollaboratioun et kënnt fäerdeg bréngen, dass déi zwou Administratiounen a souguer déi vun der Douane, déi jo op den Accisë schafft, zu enger besserer Zesummenaarbecht kéinte kommen.

Ech muss soen, ech erkennen déi Zesummenaarbecht nach net, déi elo soll besser gi si säit 1997. An eng vun deene Méiglechkeeten, déi ech deemools an d'A gefaasst hat, war déi Iech ze soen, et soll een, wann een net capabel ass eng besser Kollaboratioun ze kréien, dann effektiv d'Administratiounen zesummeschloen op deem Niveau, wou zumindest d'TVA spillt.

Ech hunn ee Moment gemengt d'lescht Joer beim Etat de la Nation, Gehéier fonnt ze hu beim Statsminister, deen a senger Deklaratioun dat do och proposéiert huet a gesot huet. hie wier och mëttlerweil fir d'Zesummeleeung vun deenen Administratiounen, zumindest vun zwou. Ech hu Verständnis dofir, dass hien net higeet a vläicht eenzel Attributioune vun dem Enregistrement zesummeleet mat de Contributions directes, déi net direkt eppes domat ze dinn hunn.

Firwat kënnt een op de Gedanken dat doten ze maachen? Hei ginn et zäitweileg zwou a souguer dräi Administratiounen, déi um selwechte Chiffre d'affaires, op deeneselwechte Frais généraux schaffen. Eenzelner kucke mech hei komesch, missten awer wëssen, well se selwer heiansdo betraff sinn a well se TVA-pflichteg sinn, dass se op där enger Säit d'Frais généraux bei den direkte Steieren an op där anerer Säit och bei der TVA uginn, an et zu kenger Kollaboratioun vun deenen zwou Administratioune kënnt.

Et kann een deenen engen eppes verzielen an deenen aneren eppes anescht verzielen, dat ass haut parfaitement méiglech. Et kënnt och virkommen, an dat ass eng Konsequenz heivun, dass wann déi eenzel Administratiounen net d'accord si mat deem wat Der erzielt, sief et mat Ärem Chiffre d'affaires, dee schlussendlech évaluéiert muss ginn, sief et mat der Besteierungsbasis, déi schlussendlech erauskënnt, dass déi zwou Administratiounen, den Enregistrement an déi direkt Steieren, zu total verschiddene Chiffres d'affaires a Besteierungsbasise kommen.

Dat fannen ech net seriö! Net vu Säite vun der Administratioun, mä einfach vum Point de vue vun engem Stat, deen awer, mengen ech, vis-à-vis vum Contribuable misst weisen, datt hien eng gewëss Linn a senger Démarche huet, déi awer net ze erkennen ass, wann zwou Administratiounen aus deemselwechte Ministère zu verschiddene Konklusioune kommen.

Ech stelle fest, dass dat d'Leit net schrecklech begeeschtert, weder am Haus hei, nach dobaussen, mä dass dat awer nach wie vor e Makel ass, deen ech einfach net an där Form kann akzeptéieren. Et gëtt mer dann ëmmer erëm gesot: Jo mä d'Kollaboratioun um Niveau vun der TVA ass esou intensiv ginn, dass dat geféierlech kënnt ginn an esou weider. Or, et gëtt e ganze Koup Regelen, déi duerchaus évitéieren, dass ee vu bausse kann Ableck kréien a Saachen, wou en net Ableck ze kréien huet. Dat ass parfaitement méiglech an ech akzeptéieren dat Argument net.

Ech muss och soen, ech hätt Verständnis dofir, dass een dee grousse Sprong do vläicht net direkt géing maachen. Ech hat probéiert ze soen: Kommt mir ginn op de Wee vun der Kollaboratioun. Dat ass net erfollegt. Mä de Minimum, deen ech mer dann erwaart hätt, dat ass um Niveau vun deene Spezialunitéiten, déi op der TVA, déi op den direkte Steieren, hei an dësem Fall dem Contrôle extérieur an - elo kommen ech net op deen aneren Numm - dem Service de révision vun den direkte Steieren, dass een déi zumindest zesummegeschloen hätt a Form vun enger Cellule interadministrative, fir dass déi zumindest op der Basis vun der grousser Fraude hätte kënnen zesummeschaffen, well mir schwätzen hei vun der grousser Fraude, déi um Niveau vun der TVA a vun den direkte Steiere geschitt.

Firwat ass dat näischt ginn? Dat verstinn ech haut nach net. Et hätt ee sech kënne virstellen, dass een esouguer an den Administratiounen als Iwwergank, fir dat Ganzt ze testen, och nach Servicer bestoe gelooss hätt, beispillsweis fir alles wat Demandes communautaires gewiescht wier. Dat heescht alles, wat mer vum Ausland gefrot gi wieren, hätt roueg iwwert dee Service kënnen transitéieren. De Service antifraude hätt an deem Moment aus engem Grupp vu Beamte bestanen, déi aus deenen dräi Steieradministratioune komm wieren, an och aus der Douane, well déi schaffen och um Chiffre d'affaires an hunn och e spezielle Service an hätte kënnen dirigéiert ginn an engem Comité des communs aux trois administrations.

Där Modeller gëtt et. Dee Modell gëtt et esouguer hei zu Lëtzebuerg. Dee Modell ass esouguer préconiséiert gi vum Chef vun der Administratioun vum Enregistrement. Dee Modell ass net ofgeleent gi sengerzäit esouguer vun deem vun den direkte Steieren. Ech stelle just fest: Feelt et eis u Volonté politique fir dat ze maachen, oder wat ass de Problem?

Dofir, Här Minister, wann ech den Accord heizou bruecht hunn, da bleift mer iergendwéi ëmmer erëm dee schlechten Nogeschmaach, wéi wa mer op deem doten Niveau awer nu wierklech kee Meter weiderkomm wieren. Ech hätt Verständnis dofir, wann een dee grousse Sprong net gewollt hätt, dass een dann d'Kollaboratioun verbessert hätt. Ech stelle fest, dass dat net de Fall ass. Ech hätt verstanen, wann een dee Service antifraude hei gekoppelt hätt a sengen Aktioune mat deenen aneren zwee, an een sech eng Struktur ginn hätt fir méi effikass ze sinn. Ech stelle fest, dass keng vun deenen zwou Saache geschitt ass. Ech muss soen, dass ech do mäi Bedaueren ausdrécken, dat awer näischt ze dinn huet mat deem Accord, deen ech trotzdeem fir de Projet als solchen hei bréngen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et ass jo evident, datt zu engem effiziente Stat och dat gutt Fonctionnéiere vun eise Verwaltunge gehéiert, an d'Verwaltunge kënnen och nëmme gutt fonctionnéieren, wann ee motivéiert Personal huet.

Regelméisseg gëtt sech jo och beklot, datt mer an eenzelne Verwaltunge vläicht net genuch Personal hunn, oder datt et un deem néidegen Equipement géing feelen. Dat huet natierlech dee Moment och seng Auswierkungen op d'Qualitéit vun den Déngschtleeschtungen, mä ech mengen, dat mannst wat een awer ka soen, dat ass, datt d'Regierung déi Problematik erkannt huet an ëmmer erëm versicht do Adaptatioune virzehuelen. Ech wëll elo dat net hei erëm am Detail oplëschten; dat konnte mer d'lescht Woch en détail bei der Interpellatioun iwwert d'Services publics maachen.

Duerch de Projet hei gëtt jiddefalls eng vun deenen dräi Fiskalverwaltungen ouni Zweifel revaloriséiert. Et däerf ee jo net vergiessen, datt am Enregistrement op de leschten 31. Dezember ronn 306 Leit beschäftegt waren. Am Joer 2002 waren och 11 nei Poste geschafe ginn a mir wësse jo och, datt den Enregistrement eng Multitude vun Aarbechten ze erledegen huet, virun allem natierlech d'Anzéie vun der TVA, an do goufen d'lescht Joer net manner wéi 1,4 Milliarden Euro agezunn. Mir hunn de Moment och bal 40.000 Assujettien. Dat bréngt also mat sech, datt déi Verwaltung ëmmer weider muss deementspriechend ugepasst ginn.

Mä leider stellen ech awer fest, datt et ëmmer méi Leit gëtt, déi menge si bräichte keng TVA an och keng aner Taxen ze bezuelen. Natierlech, och d'Fale vun de Grenzen huet mat sech bruecht, datt déi Situatioun sech u sech nach verschlëmmert huet. Et ass also evident, datt da muss reagéiert ginn an dowéinst ass et och ze begréissen, datt dee Service antifraude elo agefouert gëtt, an datt och en Austausch vun Informatiounen um communautairë Plang méiglech gëtt.

Dat bedéngt natierlech dann awer och de Recrutement vun zousätzleche Spezialisten. Mir wëssen, datt dat net ëmmer esou einfach ass, net ëmmer esou evident ass. Ech wëll awer op dëser Plaz och nach eng Kéier drun erënneren, datt mer jo awer elo kierzlech en neie Beamtestatut gestëmmt hunn, deen et méiglech mécht, gegebenenfalls awer och Leit aus dem Privatsecteur ze recrutéieren, wann eng Décisioun vum Conseil de Gouvernement do ass, fir wéi gesot spezifesch Posten do mat Leit ze besetzen.

Ech wëll awer op dëser Plaz och drun erënneren, datt mer déi Remarken, déi am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics gemaach goufen, och sollen eescht huelen, virun allem wéi gesot wat d'Kollaboratioun tëschent deene Leit, déi an deem Service sinn, mat den Expären aus der Kriminalitéit ubelaangt. Da wëll ech awer och nach hei ënnersträichen, fir datt dee Service herno awer voll funktiounsfäeg ass, datt mer deene Leit och mussen déi beschtméiglech Equipementer zur Verfügung stellen.

Op där anerer Säit ass awer och positiv hei ze ënnersträichen, datt elo an der Carrière moyenne d'Unitéiten, déi hors cadre sinn, vu 6 op 15 eropgesat ginn, an datt jo och an der Expéditionnairescarrière dräi Posten hors cadre geschafe ginn. Domadder évitéiere mer, an de Rapporteur Norbert Haupert huet dat jo richtegerweis hei bemierkt, datt ebe Leit sech vläicht mussen an en anere Service versetze loossen, fir kënnen ze avancéieren. Mir évitéieren also domat, datt dee Moment de Service Problemer kritt, well capabel, kompetent Leit, just well se eben net kënnen avancéieren, eng aner Plaz mussen unhuelen. Dat dréit also ouni Zweifel zu enger besserer Effizienz vun där Verwaltung bäi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn eis och alleguerten eens, datt mer verstäerkt mussen eis Verwaltungen um informatesche Plang équipéieren, an dat gëllt mat Sécherheet virun allem fir den Enregistrement. Dofir ass et jo och elo ze begréissen, datt d'Carrière vum diplomëierten Informatiker an och vum Informatiker an der Expéditionnairescarrière geschafe gëtt.

Ech wëll an dësem Kontext nach eng Kéier zréckkommen op de Projet de loi 5122, dee mer och elo kierzlech gestëmmt hunn, wou et jo och elo ewell méiglech ass, datt Betriber hir TVA-Deklaratioun iwwert de PC kënnen online eraginn, wat u sech och fir d'Betriber vill Erliichterung mat sech bréngt, wat op där anerer Säit natierlech awer och eng Rei vun Adaptatioune fir d'Verwaltung mat sech bréngt.

E weidert Beispill vu konkrete Mesuren, fir de Stat ebe méi effizient ze gestalten, a virun allem d'Verwaltung, ass jo, datt d'maximal Zuel vun de Beamten an der ieweschter Carrière och elo gestrach gëtt. Dat bréngt ouni Zweifel zousätzlech Flexibilitéit mat sech.

D'DP kann also dës geplangte Mesuren nëmmen ënnerstëtzen an ech wëll domat och den Accord vu menger Fraktioun bréngen, net ouni awer dem Kolleeg Norbert Haupert nach merci ze soe fir seng zwee Berichter. Merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, de Rapporteur huet eis hei am Detail erkläert ëm wat et geet, an och meng Virriedner hunn déi Froen, déi sech an deem Zesummenhank stellen, bal erschöpfend hei ausernee geluecht.

Ech wëll dofir direkt am Ufank vu menger ganz kuerzer Interventioun hei soen, datt eis Fraktioun natierlech de Projet stëmme wäert. Jiddfereen hei am Land muss domat d'accord sinn, wann e Service antifraude opgebaut gëtt, wann en déi Moyene kritt, déi e brauch fir kënnen effikass ze schaffen. Mir wëssen, datt mer, wat d'finanziell Situatioun vum Stat ubelaangt, mat allergréisster Wahrscheinlechkeet net deene beschten Zäiten entgéint ginn. Mir wëssen och, datt d'TVA e groussen Deel vun de Recetten am Stat duerstellt an dofir hu mer alleguer en Intérêt drun, datt do esou mann wéi méiglech verluer geet.

Dat huet och selbstverständlech en Aspekt vu Steiergerechtegkeet. Mir wëssen, datt d'TVA am Prinzip vum Consommateur bezuelt gëtt. De klenge Consommateur ka sech där Verpflichtung net entzéien, well hie kritt dat direkt op senger Wuer, op senger Déngschtleeschtung verrechent. Hie bezilt se. Leider musse mer feststellen, datt et vill ze vill dacks virkënnt, datt Entreprisen, déi eigentlech den Intermédiaire duerstelle fir de Stat - si si jo den Encaisseur fir de Stat -, duerch Praktiken, déi net kauscher sinn, sech där Verpflichtung ganz oder deelweis entzéien. Dofir ass et begréissenswäert, wann den Enregistrement d'Méiglechkeet kritt fir deem verstäerkt entgéint ze wierken.

Mir hoffen, datt eng Partie louche Firmen, déi et fäerdeg bréngen duerch organiséiert Failliten éier si iwwerhaapt och nëmmen en Ufank vun där TVA ofgefouert hunn, déi se verpflicht sinn ofzeféieren, sech ëmmer erëm deem entzéien, datt et och geléngt duerch Erfaassung vun den Donnéeën, och duerch informatiséiert Echangen, esou Praktiken ëmmer méi ofgestallt ze kréien.

Ech wëll hei soen, datt ech deem, wat de Kolleeg Jeannot Krecké hei gesot huet, voll a ganz zoustëmmen. Et ass an der heiteger Zäit vun der informatescher Interkonnexioun eigentlech en Non-sens, datt bei verschiddene Verwaltungen, déi eigentlech am selwechten Domän schaffen, wéi dat bei der Steierverwaltung a beim Enregistrement de Fall ass, zweegleiseg gefuer gëtt, datt do iwwerhaapt keng Kollaboratioun oder praktesch keng Kollaboratioun besteet. Wa mer hei vun engem Service public schwätzen, deen effikass soll sinn, dann ass dat hei jiddefalls ee vun de Paradebeispiller, wou een et besser ka maachen a wou et och onbedéngt misst besser gemaach ginn. Ech hoffen, datt den Här Minister dee Message do ophëlt an och mat virun an d'Regierung hëlt.

Dat hei ass ee Schrëtt ënner aneren, déi mussen an där Richtung ënnerholl ginn. Dofir, wéi gesot, si mir d'accord, fir dat Gesetz hei ze stëmmen. Mir sinn d'accord, fir mat op dee Wee do ze goen. Mir hoffen awer, wéi gesot, datt d'Regierung an Zukunft e bësselche méi Konsequenz an där Richtung weist. Domadder bréngen ech nach eng Kéier den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Eng breet Zoustëmmung wëllt d'Regierung net duerchernee maachen. Ech wëll just am Numm vun der Regierung merci soe fir de Rapport vum honorablen Här Haupert a fir

d'Contributioune vun deenen anere Kolleegen.

Ech mengen, dass an dësem Gesetz besonnesch ee Punkt vu Wichtegkeet ass, dat ass d'Schafe vun deem Service antifraude aus europäesche Grënn, mä och aus nationale Grënn. Et schéngt mer scho wichteg ze sinn, wann ee gesäit wéi ee mat dëser TVA-Steier, wat eng wichteg national, mä och europäesch Steier ass, sech och muss déi Instrumenter ginn, datt een eng ëmmer méi sophistikéiert Kriminalitéit, déi schlussendlech d'Fraude an deem dote Beräich ass, kann effikass, souwuel um administrative wéi och um judiciairë Plang, bekämpfen. A wann ech dat soen, dann denken ech natierlech och u meng Fonctiounen als Justizminister.

Mir hunn dat gesot wéi mer d'Police judiciaire reorganiséiert hunn, dass et do wichteg ass, datt mer an der Wirtschaftskriminalitéit virukommen, a fir datt dat do ka fonctionnéiere brauch een natierlech och am Virfeld Verwaltungen, déi mat deem adequate Personal kënnen déi bestrofen, déi op Käschte vun der Kollektivitéit sech mat de Sue vun der Kollektivitéit beräicheren. Dofir mengen ech ass dat hei e wichtegt Element fir dëser Finanzverwaltung méi Effikassitéit ze ginn. An deem Sënn géing ech merci soe fir d'Zoustëmmung, déi hei am Parlament op dëse Projet de loi kënnt.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5018 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo of iwwert dat virleiend Gesetz.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De virleiende Gesetzesprojet ass eestëmmeg ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui : Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5022, engem Steierofkommes tëschent Lëtzebuerg an Trinidad. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké, Rippinger a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Haupert.

## 5. 5022 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Trinité et Tobago tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et à encourager le commerce international et l'investissement, signée à Luxembourg, le 7 mai 2001

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Duebelbesteierungsofkommes huet als Objektiv, éischtens d'Persounen an d'Entreprisë vun deenen zwee Länner, tëschent deenen deen Accord getraff gëtt, géint eng iwwerdriwwe Besteierung ze schützen, a fir de Floss vun de kommerzielle Relatiounen an den internationalen Investissementer ze beschleunegen. Op där anerer Säit huet et awer och als Objektiv fir den Echange vun Informatiounen am Fall vun enger Steierhannerzéiung tëschent deenen zwee Länner ze organiséieren.

Déi Konventioun mat der Republik Trinidad an Tobago ass déi 45., déi mer hei an der Chamber bis elo gestëmmt hunn. 14 dovu si mat deenen anere Länner aus der Europäescher Unioun, 12 mat aneren europäesche Länner, 4 mat amerikanesche Länner, 7 mat asiatesche Länner an nach 4 Konventioune mat de Länner aus der fréierer Sowjetunioun.

D'République de Trinité et de Tobago besteet aus zwou Inselen, déi an der Karibik leien. Et ass also déi éischt Konventioun, déi mer mat engem Stat aus der Karibik maachen. Déi zwou Insele liewe besonnesch vum Tourismus an Trinidad och nach deelweis vum Pëtrol.

D'Fro, déi sech also hei gestallt huet, ass déi: Firwat just mat deenen zwou exoteschen Inselen an net mat anere Länner, wéi Australien, Chile, Argentinien oder Indien, mat deene mer vill méi intensiv Relatiounen hunn. Et gëtt dräi Kritäre firwat dass d'Verwaltung an d'Regierung Konventioune mat Länner ofschléissen. Den éischte Kritär ass dee vun dem wirtschaftlechen Intérêt vun deenen zwee Länner. D'Demande kënnt also vun deenen zwee Länner an déi meescht Konventioune ginn no deem Kritär ofgeschloss.

En zweete Kritär ass dee vu Lëtzebuerg fir ze versiche fir flächendeckend Konventioune mat deene meeschte Länner ze hunn, fir esou seng international wirtschaftlech Relatiounen nach ze favoriséieren.

An en drëtte Kritär ass dee vun der Héiflechkeet fir der Demande vun engem anere Land entgéint ze kommen, an dat war an dësem Fall de Fall. Dat heescht, déi Republik ass u Lëtzebuerg erugetrueden, a well et sech ëm zwou Inselen handelt, déi net zu deene vum Steierparadies zielen, huet Lëtzebuerg aus Héiflechkeet mat deem Land déi Konventioun ofgeschloss.

Dëst Duebelbesteierungsofkommes leent sech ganz enk un dee Modell vun der OCDE un, wat besonnesch d'Lëtzebuerger Säit ubelaangt, dat heescht mat de Spezificitéiten, déi mer kennen, op där enger Säit d'Ausklamere vun de Lëtzebuerger Holding-Gesellschaften an op där anerer Säit d'Besteierung vun de Pensiounen, déi vu Lëtzebuerg bezuelt ginn hei zu Lëtzebuerg, wat am OCDE-Modell net de Fall ass.

Op där anerer Säit leent déi Konventioun sech awer och un de Modell vun de Vereenten Natiounen un, mat enger méi staarker Besteierung an deem Land wou de Revenu erwirtschaft gëtt, dat besonnesch am Intérêt vun deene Länner, déi an der Entwécklungsphas sinn, wou also iwwert deen dote Wee méi Steierrecetten erakommen.

Déi wesentlech Ofwäichungen zu deenen anere Konventioune leien also doran, datt an dëser Konventioun méi eng staark Besteierung vun den Etablissements stables erugezu gëtt, méi eng staark Besteierung besonnesch vun deene Revenuen, déi an deenen eenzelne Länner erwirtschaft ginn. Ech erspueren lech den Detail vun där Konventioun; dat fannt Der an dem Exposé des motifs.

Ech wëllt dann ofschléissen andeem datt ech, esou wéi d'Kommissioun et virgeschloen huet, déi de Rapport eenheetlech ugeholl huet, d'Chamber bieden deen Text hei esou ze stëmme wéi e virläit, an ech bréngen domadder den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

***Discussion générale***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun zu deem indispensablen Duebelbesteierungsofkommes mat Trinidad an Tobago. Dat ass mer esou erkläert ginn. Ech hunn et zwar net verstanen, mä ech brénge mäin Accord dozou.

M. le Président.- Elo ass et um Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Jo, Här President, mir geet et net besser wéi dem Här Krecké. Ech bréngen och den Accord vun eiser Fraktioun. Eigentlech däerften deen Accord nëmmen déi stëmmen, déi och wësse wéi d'Haaptstad vun der Republik Trinidad an Tobago ass.

M. le Président.- Den Här Aly Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, ech wëll dem Rapporteur merci soe fir seng wierklech explizit Duerleeung vun där Konventioun do. Fir mech war dat awer glaskloer. Ech weess net wéi een do konnt nach iergendwéi eppes net verstoen. An dofir hunn ech och kee Problem domat fir den Accord vun eiser Fraktioun ze ginn.

M. le Président.- Ech kënnt mer virstellen, datt d'Regierung och kee Problem huet fir domat d'accord ze sinn an dofir komme mer direkt zur Lecture vum Article unique a stëmmen doriwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleiende Gesetzesprojet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Wohlfart), Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5043 iwwert d'Kapitalerhéijung vun der Banque Européenne d'Investissement.

Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké, Graas a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

## 6. 5043 - Projet de loi relatif à l'augmentation du capital de la Banque Européenne d'Investissement

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'europäesch Investitiounsbank, kuerz BEI genannt, spillt sécherlech am europapolitesche Gefüge eng séier wichteg Roll, déi och an de kommende Joren nach ausgeweit dierft ginn. Fir den Zilsetzungen awer vun der Europäescher Unioun a puncto Invest gerecht ze ginn, ass d'Interventioun vun der BEI noutwendeg:

1. fir déi europäesch Integratioun weider ze dreiwen an

2. fir den ekonomeschen an och de sozialen Zesummenhalt ze garantéieren.

Bei der Realisatioun vu Projeten an deene 15 Memberstate vun der EU, esou wéi an den neie Memberlänner, déi 2004 der EU bäitriede wäerten, ass d'BEI e ganz wichtegt Finanzinstrument. Et sinn deemno virun allem d'EU-Erweiderung an d'Investitiounen am Beräich vun deenen neien Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien, déi d'BEI viru grouss finanziell Erausfuerderunge stellen.

An dësem Kontext ass et noutwendeg ginn, fir d'Kapital vun der BEI opzestocken an dat duerch dräi Moossnamen, déi de 4. Juni 2002 an der alljäerlecher Sëtzung vum Conseil des Gouverneurs vun der BEI eestëmmeg festgehalen an décidéiert goufen.

Objet vun dësem Projet ass et dann och fir d'Regierung ze autoriséieren un dëser Augmentation de capital ze participéieren.

Éischtens gëtt mat Wierkung op den 1. Januar 2003 de Capital souscrit vun de Memberlänner, déi Aktionär bei der BEI sinn, ëm 50% erhéicht an dat au prorata vun hirer jeeweileger Participatioun. De Capital souscrit gëtt domadder vun 100.000 Milliounen op 150.000 Milliounen eropgesat.

Zweetens gëtt de Prozentsaz vum Capital souscrit, dee jäerlech vun de Memberlänner iwwerwise muss ginn, vu 6 op 5% erofgesat.

An drëttens gëtt de Finanzement vun dëser Kapitalerhéijung zu 100% duerch verfügbar Reserve vun der Bank selwer ofgedeckt.

D'Kombinatioun, Här President, vun dësen dräi Moossnamen huet als Konsequenz, datt d'Reserve vun der BEI an der Héicht vun 1.500 Milliounen Euro als Capital versé konvertéiert ginn an dem Capital vun der BEI zoukomme gelooss ginn. De Capital versé gëtt deemno vu 6.000 Milliounen op 7.500 Millioune réckwierkend op den 1. Januar 2003 erhéicht, dat heescht, dat si 5% vum gesamte Capital souscrit.

Fir Lëtzebuerg bedeit dat, datt d'Participatioun um Capital souscrit vun 124.670.000 Euro op 187.015.500 Euro eropgesat gëtt, wat engem Taux de participation vun 0,1247% entsprécht.

Här President, de Projet de loi 5043 ass den 20. Oktober 2002 vum Finanzminister an der Chamber deponéiert ginn. De Statsrot, deen iwwregens keng Objektioun zu dësem Projet hat, huet den 10. Dezember 2002 säin Avis ofginn. An der Sëtzung vun der Finanzkommissioun, den 3. Juli 2003, ass de Rapporteur désignéiert ginn. Den Text vum Projet an den Avis vum Statsrot sinn an däerselwechter Sitzung analyséiert ginn. Gläichzäiteg ass och de Rapport vun der Finanzkommissioun zu dësem Projet guttgeheescht ginn.

Ze bemierke bleift nach, dass am Exposé des motifs vum Gesetz sech en Tippfeeler ageschlach huet. Et steet do, „soit 6% du nouveau capital souscrit" an et muss sinn, „soit 5% du nouveau capital souscrit".

Dat gesot, Här President, wëll ech nach den Accord vun der CSV zu dësem Projet ginn an ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gusty Graas.

***Discussion générale***

M. Gusty Graas *(DP).*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur, dem Kolleeg Lucien Clement, merci soe fir säin detailléierte Bericht a selbstverständlech bréngen ech och den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- Den Här Aly Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, ech wëll och dem Rapporteur merci soen a vu dass dat hei grad esou kloer war wéi dat virdrun, hunn ech och kee Problem fir mäin Accord dozou ze ginn.

M. le Président.- Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen doriwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of iwwert de Projet de loi 5043.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi 5043 ass eestëmmeg ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen et Lucien Weiler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Jean Huss.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Ordre du jour vun der nächster Woch.

D'Presidentekonferenz huet an hirer Sitzung vun haut de Muere folgenden Ordre du jour fir déi nächst Woch virgeschloen:

En Dënschden, de 15. Juli um dräi Auer:

1. de Rapport vun der Enquêtëkommissioun «Transports routiers internationaux»;

2. de Projet de loi 4827 iwwert déi Handicapéiert;

3. de Projet de loi 4801 iwwert d'Violence domestique.

E Mëttwoch de Mueren um néng Auer:

1. de Projet de loi 5085 iwwert de Secteur financier;

2. de Projet de loi 5158 iwwert d'Untersuchungsriichteren;

3. de Projet de loi 4863A iwwert d'Etablissements classés, zesumme mam Projet de loi 4863B iwwert d'Ëmweltverwaltung an der Interpellatioun vum Här Camille Gira iwwert d'Kommodosgesetz, nom Modell 2.

E Mëttwoch de Mëtten um 14.30 Auer:

1. de Projet de loi 4832 iwwert de Médiateur, zesumme mat der Proposition de loi 4798 iwwert den Ombudsmann;

2. d'Proposition de loi 4609 iwwert déi fräiwëlleg aus dem Spueniekrich;

3. de Projet de loi 5003 iwwert den Institut viti-vinicole;

4. de Projet de loi 5115 iwwert d'Loi uniforme Benelux;

5. de Projet de loi 5143 iwwert de Plan national de l'emploi;

6. de Projet de loi 5114 iwwert d'Chambres professionnelles.

En Donneschden de Mueren um néng Auer:

- de Projet de loi 5059 iwwert d'Universitéit Lëtzebuerg, zesumme mat der

- Proposition de loi 4540 iwwert d'Université européenne Terres Rouges.

En Donneschden nomëttes um halwer dräi:

1. de Projet de loi 5130 iwwert d'Prestataires de soins an

2. d'Naturalisatiounen.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass also en Dënschdeg, de 15. Juli a fänkt um dräi Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 16.33 heures)***

## MARDI, 15 JUILLET 2003

# 71E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**
**M. Paul-Henri Meyers, Doyen d'âge**

## Ordre du jour

1. Hommage à la mémoire de M. René Burger, député honoraire
2. Communications
3. 5170 - Rapport de la Commission d'enquête "Transports routiers internationaux"

   *(Présentation du rapport)*
4. Dépôt d'une proposition de loi
5. 5170 - Rapport de la Commission d'enquête "Transports routiers internationaux" - suite

   *(Discussion générale - Motions - Votes)*
6. 4827 - Projet de loi relatif aux personnes handicapées et portant modification

   1. de la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat,
   2. de la loi du 22 avril 1966 portant réglementation uniforme du congé annuel payé des salariés du secteur privé,
   3. de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum,
   4. de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet,
   5. de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales,
   6. de la loi modifiée du 27 juillet 1987 concernant l'assurance pension en cas de vieillesse, d'invalidité et de survie,
   7. de la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois,
   8. de la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension et
   9. du Code des assurances sociales

   *(Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motions - Votes)*
7. 4801 - Projet de loi sur la violence domestique portant modification 1) de la loi du 31 mai 1999 sur la police et l'inspection générale de la police; 2) du code pénal; 3) du code d'instruction criminelle; 4) du nouveau code de procédure civile

   *(Rapport de la Commission de l'Egalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motion - Vote)*

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs et M. Henri Grethen, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 15.01 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

### 1. Hommage à la mémoire de M. René Burger, député honoraire

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn déi traureg Pflicht Iech den Doud vun engem fréiere Kolleeg, dem René Burger vun Déifferdeng, matzedeelen. Hien ass dee leschte Samschden am Alter vun 81 Joer am Nidderkuerer Spidol verstuerwen.

De René Burger huet där Generatioun vu Lëtzebuerger ugehéiert, déi an hire jonke Joren Ënnerdréckung, Aarbechtsdéngscht an Zwangsrekrutéierung matgemaach huet, an doduerch e Liewe laang sollt geprägt bleiwen. Nom Ofschloss vu sengem Medezinstudium huet de Verstuerwene sech als Sportsmedeziner en Numm gemaach a sech onermiddlech fir d'Belaanger vu senge Patienten agesat. Dës Astellung vun engem gesonde Kierper an engem gesonden Ëmfeld huet och säi politescht Wierke beaflosst.

Hei am Parlament huet hie vun 1969 bis 1989 an de Reie vun der CSV e wesentleche Bäitrag um Gebitt vum Sozialen, vum Medezineschen a vum Sport geleescht, an op kommunalem Niveau huet hie bal 20 Joer laang als Schäffen an als Gemengeconseiller am Déngscht vun den Déifferdenger Bierger gestanen.

Den Dokter Burger war u ville wichtegen Debatte bedeelegt an der Chamber, déi hien och op internationalem Plang am Europarot an an der Union de l'Europe occidentale vertrueden huet.

Senger Famill vun dëser Plaz aus en opriichtegt Bäileed, verbonne mat der Gewëssheet, dass mer de léiwe Verstuerwenen net vergiesse wäerten.

Ech géing Iech elo bieden opzestoen, fir deem léiwe Verstuerwene senger eng Minutt ze gedenken.

***(Respect d'une minute de silence)***

Merci.

### 2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Monsieur François Biltgen, Ministre délégué aux Communications, a déposé au Greffe de la Chambre, en date du 11 juillet 2003, les projets de loi suivants:

- *Projet de loi N° 5178 sur les réseaux et les services de communications électroniques;*
- *Projet de loi N° 5179 portant organisation de la gestion des ondes radioélectriques;*
- *Projet de loi N° 5180 portant réorganisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation;*
- *Projet de loi N° 5181*
  - *relatif aux dispositions spécifiques de protection de la personne à l'égard du traitement des données à caractère personnel dans le secteur des communications électroniques*
  - *portant modification des articles 88-2 et 88-4 du Code d'instruction criminelle, et*
  - *portant modification de la loi du 2 août 2002 relative à la protection de la personne à l'égard du traitement des données à caractère personnel.*

Madame Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, a déposé en date du 14 juillet 2003 le

- *Projet de loi N° 5182 portant approbation de l'Accord européen relatif au transport international des marchandises par voies de navigation intérieures (ADN), fait à Genève, le 26 mai 2000.*

A la demande de Monsieur Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense, Monsieur François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement, a déposé en date du 14 juillet 2003, les projets de règlement grand-ducal suivants:

- *Projet de règlement grand-ducal N° 5183 concernant la participation du Luxembourg à la mission de déminage de la Belgique au Cambodge;*

et le

- *Projet de règlement grand-ducal N° 5184 modifiant le règlement grand-ducal du 9 mai 2003 concernant la participation du Luxembourg à la Force Internationale d'Assistance à la Sécurité en Afghanistan (ISAF) sous l'égide des Nations Unies.*

3) En date du 9 juillet 2003 la Chambre a été saisie de la pétition N° 254 contre les nuisances émises sur le terrain d'aviation de Noertrange.

4) Par lettre du 3 juillet 2003 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir le texte des résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 2 au 5 juin 2003:

- position sur la proposition de décision du Conseil concernant la conclusion de l'accord de coopération scientifique et technologique entre la Communauté européenne et la République du Chili;
- résolution sur le dix-huitième rapport annuel de la Commission sur le contrôle de l'application du droit communautaire (2000) (COM(2001) 309 - C5-0506/2001 - 2001/197(COS)), et sur le dix-neuvième rapport annuel de la Commission sur le contrôle de l'application du droit communautaire;
- résolution sur la mise en oeuvre de l'assistance macrofinancière aux pays tiers;
- résolution sur le rapport annuel du programme MEDA 2000;
- recommandation sur les accords UE-USA en matière de coopération judiciaire pénale et d'extradition;
- résolution sur la communication de la Commission au Conseil, au Parlement européen, au Comité économique et sociale et au Comité des Régions - Cadre pour la promotion de la participation financière des salariés;
- résolution sur la réunion de la Troïka et des pays participant au Pacte de stabilité pour l'Europe du Sud-Est;
- résolution sur l'analyse de la méthode ouverte de coordination dans les domaines de l'emploi et des affaires sociales et les perspectives de futur;

- résolution sur l'application de la méthode ouverte de coordination;
- résolution sur „Femmes et sport";
- résolution sur le cancer du sein.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Haut de Mëtteg steet op eisem Ordre du jour de Rapport vun der Enquêtëkommissioun «Transports routiers internationaux». D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht an ass deemno folgendermoossen opgedeelt:

De Rapporteur huet 40 Minutten, d'CSV 58, d'DP 50, d'LSAP 46, den ADR 34, déi Gréng 30, den Här Urbany 11 an d'Regierung 40 Minutten. Fir d'Motioune sinn et fir d'Fraktiounen zéng Minutten, fir den Här Urbany 5 Minutten a fir d'Regierung erëm eng Kéier 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Weiler, d'Madame Delvaux, d'Häre Rippinger, Gibéryen, Bausch a Krecké. D'Wuert huet elo also de Rapporteur, den honorablen Här Gusty Graas.

Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

## 3. Rapport de la Commission d'enquête „Transports routiers internationaux"

***Présentation du rapport***

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Asetze vun enger Enquêtëkommissioun ass ouni Zweifel en aussergewéinlechen Akt am parlamentaresche Liewen hei zu Lëtzebuerg. Den Artikel 64 vun der Constitutioun gëtt eis als Chamber jo déi Méiglechkeet.

Zënter 1881 goufe 16 Enquêtëkommissioune geschafen. D'Gesetz vum 18. Abrëll 1911 iwwert déi parlamentaresch Enquêten hält fest, dass esou eng Kommissioun jo och d'Pouvoire vun engem Untersuchungsgeriicht huet. D'Artikelen 167 bis 179 vun eisem interne Reglement definéieren déi genee Prozedur vun esou enger Kommissioun.

D'Schafe vun der Enquêtëkommissioun international Stroossentransporter huet ouni Zweifel eng laang Virgeschicht. Schonns Ufanks der 90er Jore goufen et kritesch Téin, wat d'Verdeelung vu Lizenzen an Autorisatiounen am Transportministère ubelaangt huet. An der Affär Botrans goufen dunn Accusatioune géint en héije Fonctionnaire aus dem Transportministère formuléiert. Och ass eng Enquête administrative géint deeselwechte Beamten an d'Wee geleet ginn, an et sinn och Perquisitiounen am Transportministère gemaach ginn.

Déi Enquête administrative huet allerdéngs zu kenger Beschëllegung vis-à-vis vun dem Beamten, dem Här Morby, gefouert. Déi ëmstridden Aarbechtskonditiounen an déi sozial Situatioun vun de Chaufferen an dësem Secteur waren op alle Fall och ëmmer Ulass vu Kriticken, a si hunn 1997 dozou gefouert, dass eng Enquête vun der Inspection du Travail et des Mines gemaach gouf, déi och deementspriechend duerno e Rapport virgeluecht huet. Mä och an dësem Bericht goufe jiddefalls keng Irrégularitéite festgestallt, virun allem wat d'Firma Kralowetz ubelaangt.

Duerch eng Perquisitioun, déi den 22. Januar 2002 zu Esch an de Büroe vun der Firma United Cargo Lux GmbH gemaach gouf, fir déi Camione vun der Firma Kralowetz gefuer sinn, ass den Transportsecteur jiddefalls erëm eng Kéier an de Mëttelpunkt geréckelt. Virun allem de System vun der Verdeelung vun den Transportautorisatiounen zënter dem Enn vun den 80er Joren huet eng Rei vu Froen opgeworf.

D'Chamberkommissioun Ekonomie, Energie, Post an Transport huet sech dunn a véier Réunioune mat der sou genannter Affär Kralowetz beschäftegt. Et huet sech awer du séier erausgestallt, dass d'Asetze vun enger Spezialkommissioun, esou wéi den Artikel 17 vun eisem Reglement dat virgesäit, noutwendeg wär. Dat ass dunn de 26. Februar 2002 och geschitt, an zéngmol ass dës Spezialkommissioun dunn zesummekomm.

E kruziale Moment gouf et de 7. Mee 2002 wéi de Parquet général d'Etat refuséiert huet Kopië vu saiséierten Dossieren aus dem Transportministère der Kommissioun zouzestellen. Och op Ufro vum Transportministère war de Parquet net bereet eis dës Kopien ze ginn. Dës Décisioun huet ouni Zweifel d'Aarbechte vun der Spezialkommissioun staark hypothekéiert an déi begrenzte Méiglechkeete vun enger Spezialkommissioun däitlech opgezeechent. D'Kommissioun huet also zu engem gewëssene Moment erkannt, dass se ënnert där Form net kéint hirem Objektiv nokommen.

Dofir ass den 13. Mee 2002 eng Diskussioun iwwert d'Konklusioun vun hiren Aarbechte gefouert ginn. Et sinn zwou Méiglechkeete ginn. Entweder d'Aarbechten definitiv arrêtéieren, oder ënnert der Form vun enger Enquêtëkommissioun weiderfueren. An deem Sënn hu mir jo hei de 16. Mee 2002 mat enger grousser Majoritéit d'Resolutioun gestëmmt, déi d'Asetze vun enger Enquêtëkommissioun op Basis vum Artikel 167 vun eisem Reglement virgesäit.

D'Missioun vun dëser Kommissioun ass folgendermoossen deemools festgehale ginn: «d'examiner et d'analyser les pratiques en rapport avec les irrégularités constatées dans le domaine du transport routier international et de faire rapport de ses conclusions à la Chambre des Députés dans les meilleurs délais.»

An hirer éischter Sitzung, de 7. Juni 2002, huet d'Kommissioun ganz kloer de Wonsch geäussert all Moossnamen ze treffen, fir dass keng Interferenze mat der Affaire pénale courante Jean Morby géingen entstoen. An deem Sënn ass och en Avis juridique den 28. Juni 2002 bei de belsche Spezialiste Roger Lallemand a Francis Delpérée ugefrot ginn.

Hei ass et virun allem drëms gaang fir folgend Froen ze examinéieren:

1. Ënnert wéi enge Konditioune kann d'Kommissioun de Jean Morby héieren?

2. Wat fir e Recht huet d'Enquêtëkommissioun, fir déi am Kader vun der Instruction pénale am Transportministère vum Parquet saiséiert Dossieren ze kréien? An a wéi engem Mooss kéint dës Kommunikatioun de Strofprozess beaflossen?

3. A wéi enger Form kënnen d'Agenten, déi d'Enquête an enger lafender penaler Affär, an enger ofgeschlossener Instruktioun oder an enger ofgeschlossener penaler Affär gemaach hunn, an der Kommissioun gehéiert ginn? Gläichzäiteg ass dunn awer och d'Fro opgeworf ginn, ob déi Leit hire Secret professionnel oder hire Secret d'instruction geltend maache kënnen.

An hirem Avis vum 5. September 2002 hunn déi belsch Spezialiste kloer festgehalen, dass eng ugekloten a viru Geriicht zitéiert Persoun nëmmen als Zeie virun der Kommissioun iwwert d'Faiten, d'Praktiken an d'Prozeduren aussoe kann, déi net a Relatioun mat hirer Uklo stinn. Wa keng spezifesch gesetzlech Dispositioune géinge bestoen, dann hätt eng Enquêtëkommissioun net d'Recht d'Piècen an d'Dokumenter, déi vun de Justizautoritéiten traitéiert ginn, ze kréien. Och hunn d'Expäre festgehalen, datt an d'Kommissioun invitéiert Persoune gegebenenfalls d'Recht hunn de Secret professionel oder de Secret d'instruction ze invoquéieren.

Den 18. November 2002 huet dunn de Strofprozess géint den Här Morby ugefaangen. Den 10. Mäerz 2003 ass an dëser Affär de Jugement gesprach ginn. Vun do u war jiddefalls de Risiko vun enger Interferenz net méi wichteg an d'Kommissioun huet hir Aarbechten nees opgeholl. Net manner wéi 23 Sitzunge sinn am Ganze vun der Enquêtëkommissioun ofgehale ginn. Wann een dann nach déi zéng Sitzungen derbäirechent, déi d'Spezialkommissioun ofgehalen huet, da komme mer op en Total vun 33 Sitzungen, wou sech d'Chamber mat dëser ganzer Problematik beschäftegt huet.

Ronn 14 Zeie si vun der Enquêtëkommissioun gehéiert ginn. Ënnert hinnen déi zwee fréier Transportministeren, den Här Robert Goebbels an d'Madame Mady Delvaux, wéi och den heitegen Transportminister Henri Grethen. Och goufen dräi Zeie virgelueden, déi scho vun der Spezialkommissioun gehéiert gi waren.

Den 29. Abrëll 2003 war et dunn un dem Här Morby, assistéiert vu sengem Affekot, fir an der Kommissioun auszesoen. D'Enquêtëkommissioun hat jo och all Dokumenter vun der Spezialkommissioun an och zwee Hard-diske vum Här Morby kritt. Allerdéngs konnt d'Kommissioun mat deene récupérierten Donnéeë vun den Hard-disken näischt ufänken.

Bei der Befroung vun den Zeien ass et selbstverständlech an éischter Linn drëms gaange fir Kritäre vun der Vergab bei communautairë Lizenzen a CEMT-Autorisatiounen definéiert ze kréien. An dësem Kontext soll vläicht nach eng Kéier kuerz drop higewise ginn, wat CEMT-Autorisatioun iwwerhaapt bedeit. CEMT heescht Conférence Européenne des Ministres des Transports an ass eng Organisatioun, déi 1953 gegrënnt gouf an haut gehéieren där 43 Staten un. Am Joer 2002 hat Lëtzebuerg ronn 536 CEMT-Autorisatiounen.

Beschäftegt huet eis natierlech awer och d'Behaaptung, datt eng Relatioun tëschent dem Erhalt vu Lizenzen an Autorisatiounen an dem Kaf vun engem Camion bei enger bestëmmter Garage bestanen hätt. Dozou e pensionéierten Employé, dee folgend Ausso gemaach huet: «La recommandation de l'acquisition de camions au Luxembourg était un de ces critères, encore que ce critère ne figurait pas parmi les conditions mentionnées dans le formulaire.»

Bemängelt ass awer virun allem vu praktesch allen Zeie ginn, datt den Här Morby ze vill Pouvoir gehat hätt, wat d'Attributioun vun de Lizenzen an Autorisatiounen ubelaangt, déi jo all Joer an der Period tëschent Chrëschtdag an Neijooschdag verdeelt goufen. Bis 2001 hätt den Här Morby eleng den Dossier vun de Lizenzen traitéiert. Hien hätt d'Wieder, d'Sonn an de Ree gemaach, esou e weideren Zeien.

Ëmmer erëm ass awer och d'Fro vun engem Organigramm ugesprach ginn. Mä och an där Fro konnte mer eis u sech keng definitiv Meenung maachen, esou huet e fréiere Beamte behaapt: «Il n'existait pas dans le département des transports d'organigramme définissant d'une manière précise les différentes tâches. Une ébauche d'organigramme avait été définie sous le ministre Schlechter. L'absence de procédures de décision et de compétences claires rendait le travail plutôt difficile. Il manquait au service d'attribution de licences un chef d'orchestre.»

Par conter huet awer déi fréier Transportministesch gesot, esouwäit si sech kéint erënneren, hätt en Organigramm am Transportministère existéiert. Eng grouss Bedeitung muss een awer ouni Zweifel och de Rapporte vun der Gendarmerie zoumoossen, déi an de Joren 1990 an 1991 opgestallt goufen an déi grave Infractioune bei enger Rei vun Transportunternehme festgestallt haten. Den 19. August 1990 hat de fréiere Kommandant vun der Gendarmerie, de Colonel Diederich, e Bréif un den deemolegen Transportminister geriicht a gefuerdert, ech zitéieren: « …de prendre les mesures nécessaires pour mettre un terme aux agissements des sociétés en question. »

Fir eis als Kommissioun war et jiddefalls erstaunlech, datt nëmmen dräi Deeg méi spéit, net de Minister, mä den Här Morby geäntwert huet. An deem prezise Fall hu mir misse feststellen, datt d'Aussoe vum Här Goebbels an déi vum Här Morby net onbedéngt déiselwecht Tounaart haten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn eis an der Kommissioun natierlech awer och mat der Zesummenaarbecht tëschent deenen eenzelne Ministèren ofginn, an zwar wat d'Ausstellen engersäits vun Transportautorisatiounen an anerersäits vun Handelsermächtigungen ubelaangt. An deem Kontext hu sech dunn och verschidde Membere vun der Kommissioun d'Fro gestallt, ob et iwwerhaapt opportun gewiescht wier, fir esou vill Transportaktivitéiten op Lëtzebuerg unzezéien ouni sech Gedanken ze maachen, ob dee Gesetzesarsenal, dee mer zur Verfügung hunn, iwwerhaapt géing duer goen, fir och déi néideg Kontrollen auszeféieren. Dowéinst fält dem implizéierte ministeriellen Departement och haut nach eng wichteg Iwwerwaachungsmissioun zou.

Eng zentral Roll an der ganzer Problematik huet awer de sou genannte Service du contrôle routier gespillt. Regelméisseg wieren Infractiounen, esouwuel am Beräich vun dem Transport wéi och um Niveau vum Droit d'établissement festgestallt ginn. Déi Infractioune sinn dunn an engem Rapport niddergeschriwwe ginn, allerdéngs ass dorop anscheinend näischt erfollegt, wéi eis en Zeie gesot huet. „L'absence de suites concrètes à nos rapports était frustrante", esou dësen Zeien.

Op där anerer Säit huet den Affekot vum Här Morby an der Auditioun gesot, dëse Beamten hätt um Strofgeriicht eng aner Ausso gemaach. Dir gesitt also, datt et fir eis och net ëmmer méiglech war sech e glaskloert Bild ze maachen. Dëse Service huet definitiv seng Méiglechkeete verluer, wéi seng Agenten d'Qualitéit vum Officier de police judiciaire ofgeholl kruten. Den 22. November 2000 ass dëse Service dunn an d'Douanesverwaltung transféréiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Aarbechten an der Enquêtëkommissioun ware mat Sécherheet keen einfachen Exercice. Kloert Liicht an déi ganz Problematik ze brénge war jiddefalls extrem schwéier. An dach ergi sech fir eis eng Rei vu Konklusiounen.

Éischtens stellt d'Kommissioun fest, datt et u prezisen Definitioune vun de Kompetenze fir d'Ausstelle vun den Transportautorisatioune gefeelt huet.

Zweetens, well et eben un däitlechen Organigrammë gefeelt huet, hat de Premier conseiller de Gouvernement, den Här Jean Morby, eng dominant Positioun, wat och dozou gefouert huet, datt dëse Beamten duerch de Jugement vum 10. Mäerz 2003 a véier Fäll der passiver Korruptioun iwwerfouert gouf. Hien ass jo och veruerteelt ginn zu néng Méint Prisong mat integralem Sursis an zu enger Geldstrof vun 2.500 Euro.

An deem Kontext huet d'Kommissioun och misse feststellen, datt den Här Morby fir eng Rei vun Infractioune vun engem Acquittement pur et simple profitéiert huet. Fir aner Virwërf konnt hien net belaangt ginn, well se verjährt waren. D'Uerteel vum Tribunal correctionnel huet déi dominant Positioun vum Här Morby confirméiert an dat folgendermoossen ëmschriwwen: «Il disposait de pouvoirs quasi-discrétionnaires dans l'attribution des autorisations de transport contingentées.» An dat hätt dozou gefouert, esou den Tribunal weider, datt dëse Fonctionnaire an den Ae vun den Transporteuren eng wichteg Persoun war, vun där hir ekonomesch Situatioun géing ofhänken. Allerdéngs huet d'Kommissioun och misse feststellen, dass sech de Groupement vun den Transporteuren ni offiziell géint d'Verdeelungsmethod vun de CEMT-Autorisatiounen ausgesprach huet.

Eng drëtt Konklusioun zéie mer dann awer aus dem Rapport vun dem Här Helmut Sperl an och aus sengen Témoignagen, déi hie virun der Kommissioun ofginn huet. Hien hat jo do op eng Rei vu wéineg orthodoxe Methode vun Douanesbeamten higewisen, an dat am Kader vu Kontrolle vum internationalen Transport. Well mer awer an der Kommissioun der Meenung waren, datt dësen Aspekt net direkt an eis Kompetenze géing eragoen, hu mir vu weideren Zeieverhéierungen an dësem Kontext ofgesinn. Mä mir mengen awer, et wier trotzdeem noutwendeg, dass deem Dossier hei eng Suite géing reservéiert ginn an dowéinst hu mer och décidéiert dee ganzen Dossier der Douanesdirektioun ze iwwerginn.

Et kann een awer dëse Rapport och net ofschléissen, ouni nach e Wuert iwwert den Zeien Emile Ferro ze verléieren. Den Här Ferro hat jo refuséiert fir virun der Kommissioun ënner Eed auszesoen. Hien huet sech dobäi op d'Décisioun vum Strofgeriicht beruff. Aus dem Jugement geet ervir, datt den Här Ferro am Laf vun der Instruktioun seng fréier gemaachten Aussoen zréckgezunn huet. Hien hat nämlech zouginn, am Kontext vun der Ausstellung vun Transportautorisatiounen den Här Morby bestach gehat ze hunn. D'Kommissioun hat leider, wéi gesot, keng Méiglechkeet hei weider ze enquêtéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi net anescht ze erwaarden, hunn natierlech déi politesch Appréciatioune vun dësem Dossier zu kontroversen Diskussiounen an der Kommissioun gefouert. Esou ass et och kaum iwwerraschend, datt op deem dote Punkt keng Eenegkeet konnt erziilt ginn, egal wéi de Rapporteur sech hei ausgedréckt hätt. Ech mengen, hien hätt et ni fäerdeg bruecht fir allen Interpretatioune gerecht ze ginn.

Déi dominant Positioun vum Här Morby steet awer ëmmer nees am Mëttelpunkt vun den Ausmoosse vun dëser ganzer Affär a si huet ouni Zweifel awer och déi politesch Konklusioune beaflosst. Dat huet dunn zu der genereller Diskussioun gefouert, ob een net misst den Aktiounsradius vun deenen héije Beamten am Statsapparat méi genee definéieren. Mir sinn eis awer bewosst, dass et natierlech schwéier ass, fir eng sou genannten „job description" op allen Niveaue vun der Verwaltung ze maachen. Dat haten och schonns d'Débaten iwwert de Rapport vun der Spezialkommissioun Santé 1998 bewisen.

Och muss natierlech déi politesch Responsabilitéit vun de Ministeren an administrative Froen ugeschnidde ginn. An der Praxis ka wuel kee Minister sämtlech administrativ Prozeduren iwwerwaachen. Hie muss also Vertrauen a seng héich Beamten hunn, an dach wär et falsch e Minister komplett vu senger Responsabilitéit an dem administrativen Oflaf vu sengem Ministère ze entbannen. Wann allerdéngs d'Vertrauen tëschent dem Minister an dem Beamte verluer gaangen ass, da misst et méiglech si Konsequenzen an d'Wee ze leeden, fir, wéi gesot, do eng Trennung virzehuelen. Dat war eng wei-

der Recommandatioun vun eiser Kommissioun.

An dëser preziser Affär ass d'Majoritéit vun der Kommissioun jiddefalls der Meenung, dass wéinst enger Rei vu Clignotanten, an hei denken ech u Presseartikelen, ech denken u Communiqués de presse vun de Gewerkschaften, ech denken un d'Perquisitioun am Transportministère, esou wéi un déi penal an administrativ Enquêten, deen deemolegen Transportminister hätt missen e politesche Kader setze fir dem Här Morby säin Aktiounsradius kloer ze definéieren.

De Reproche, deen d'Kommissioun un déi successiv Transportministere muss riichten, ass deen, dass keng ministeriell Instruktioun bestanen huet, déi endlech Kritären, no deenen Transportautorisatiounen ausgestallt sollte ginn, zréckbehalen hätt. D'Majoritéit vun der Kommissioun verweist awer op d'Efforten, déi vum aktuellen Transportminister Henri Grethen gemaach goufen, fir déi Defiziter ze behiewen.

Esou ass jo schonn am Joer 2000 décidéiert ginn, de Service du contrôle routier ofzeschafen an dës Kompetenzen der Douane ze iwwerdroen. Zousätzlech huet den Här Grethen och guer keng bilateral Accorde méi ofgeschloss. Och wa schréftlech Kritären nach ëmmer feelen, esou sinn awer ënnert dem Henri Grethen d'Prozedure fir d'Attributioun vu Lizenzen oder Autorisatioune progressiv preziséiert ginn. Dat geet op alle Fall aus dem Témoignage vun dem aktuellen Transportminister an der Kommissioun ervir, an och aus deene villen Dokumenter, déi hien der Kommissioun zur Verfügung gestallt huet.

Duerch déi schonns e puermol hei zitéiert héich dominant Positioun vum Här Morby ass an der Kommissioun dunn awer och d'Diskussioun opkomm iwwert d'Aféierung vun der Fonctioun vun engem sou genannte politesche Beroder. En Deel vun der Kommissioun ass nämlech der Meenung, dass e Problem doranner besteet, dass d'Conseillers de Gouvernement, déi déi politesch Beroder vum Minister sinn an oft enger politescher Partei ugehéieren, och gläichzäiteg responsabel fir déi administrativ Gestioun am Ministère sinn. Dofir ass d'Diskussioun lancéiert ginn, ob een net misst esou Poste vu politesche Beroder schafen, déi natierlech un d'Durée vun der Amtszäit vum Minister gebonne wären.

Mir sinn eis allerdéngs bewosst, dass déi Diskussioun de Kader vun eiser Kommissioun sprengt. Déi misst da wéi gesot op engem anere Niveau weidergefouert ginn.

An deem ganzen Dossier muss een awer och op déi institutionell Aspekter hiweisen. Mir hunn eis nämlech d'Fro gestallt, firwat dass déi raisonnabel Délaien an der Instruktioun vun der Affär Morby net respektéiert goufen. D'Enquête huet jo bal sechs Joer gedauert. D'Riichter waren der Meenung, dass en zousätzlechen Délai vun dräi Joer an zwee Méint tëschent dem Ofschloss vun der Instruktioun an dem Datum vun der Citatioun och en anormalen Délai wär.

Dofir proposéiere mir als Kommissioun, dass d'Commission juridique sech mat dëser Problematik befaasst. Si soll de Procureur d'Etat héieren, an duerno och e Rapport hei an der Chamber maachen. Dunn hu mer awer och nach festgestallt, dass de gesetzleche Kader, an deem mir eis als Kommissioun beweegt hunn, net méi zäitgeméiss ass.

D'Gesetz iwwert den Droit d'enquête parlementaire datéiert jo vum 18. Abrëll 1911. Dës Lacunen hu sech schonns 1982 bei der deemoleger Enquêtëkommissioun bemierkbar gemaach iwwert déi sou genannte Jorhonnertaffär. De Maître Alex Bonn hat deemools op déi Problemer higewisen an och déi belsch Expären, den Här Francis Delpérée an den Här Roger Lallemand hu sech ähnlech geäussert.

Eist Gesetz baséiert sech jo u sech op dat belscht Gesetz vum 3. Mee 1880. 1996 huet allerdéngs de belsche Législateur säi Gesetz ëmgeännert, an dofir ass effektiv d'Fro ze stellen, ob net de Lëtzebuerger Gesetzgeber sech och soll dorunner inspiréieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vill ass jo och iwwert d'Opportunitéit vun dem Asetze vun dëser Kommissioun diskutéiert ginn. Et goufe munch Stëmmen, déi ouni Zweifel der Meenung waren, dëse Schrëtt wär net noutwendeg gewiescht. Onofhängeg vun der Appréciatioun vun dësem Rapport, wou iwwregens eng unanime Zoustëmmung vu virera praktesch ausgeschloss war, bleiwen ech awer als Rapporteur der Meenung, dass insgesamt eng ganz seriö Aarbecht hei geleescht gouf.

Eis Aufgab war ouni Zweifel ganz delikat, an och haut nach, dat ginn ech ganz gären zou, bleift déi eng oder aner Fro ouni kloer Äntwert. D'Parlament ass sech awer senger Missioun als Kontroller vun der Regierung gerecht ginn, an dat ass jo awer och e wesentlecht Element vun der Demokratie.

Ofschléissend wëll ech och nach all deene Leit merci soen, déi mer zur Säit stounge bei der Redaktioun vun dësem wéi gesot net einfachen Exercice. Mäin éischte Merci gëllt hei dem Dan Theisen an dem Claude Karger aus der DP-Fraktioun, wéi och dem Martin Bisenius hei aus dem Chambressekretariat. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Graas. Als éischte Riedner ass den Här Lucien Weiler ageschriwwen.

Entschëllegt, Här Weiler, den Här Aly Jaerling wëllt nach den Dépôt vun enger Proposition de loi maachen.

## 4. Dépôt d'une proposition de loi

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Merci, Här Weiler. Här President, erlaabt mir dës Geleeënheet ze benotze fir eng Proposition de loi hei ze deponéieren, déi zum But huet, dass all Mamm hei am Land soll d'Mammerent integral réckwierkend op den 1. Juli 2002 kréien, an dass et net esou ass wéi elo, oder wéi et elo gehandhabt ginn ass, dass just déi Leit, déi net vill hunn, déi e Complément bei hir Pensioun kréien, sollen diskriminéiert ginn, andeem dass hir Mammerent gekierzt gëtt. Dat ass den Objectif vun dësem Gesetzesvirschlag an ech wëll déi Proposition de loi och elo hei offiziell deponéieren.

*- Proposition de loi N° 5185 ayant pour objet de modifier la loi du 28 juin 2002*

*1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension*

*2. portant création d'un forfait d'éducation*

*3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti.*

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Da kënnt elo den Här Weiler un d'Rei. Här Weiler, Dir hutt d'Wuert.

## 5. Rapport de la Commission d'enquête „Transports routiers internationaux" (suite)

***Discussion générale***

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass keng Héiflechkeetsfloskel, wann ech dem honorablen Här Graas hei merci soe fir säi mëndleche Rapport, deen hien hei virgedroen huet, och fir säi schréftleche Rapport, deen hie gemaach huet. Et war nämlech kee Cadeau fir an dësem Dossier Rapporteur ze sinn. Hien huet dat gemaach, och an der Kommissioun, nëmme mat deem noutwendege Suivi a mat deem noutwendegen ëmmer erëm Zréckkommen op déi Punkten, déi wesentlech waren, an dofir gesäit de Rapport och esou aus, wéi en en fin de compte ausgesäit.

Hien huet eng gutt an eng zolidd Aarbecht an engem méi wéi schwieregen Dossier, an engem komplexen Dossier gemaach, an dofir gëllt him de Merci vu menger Fraktioun, och wann ech weess, dass net all Gruppen heibannen d'Konklusiounen, déi d'Kommissioun en fin de compte op Propositioun vum Här Graas zréckbehalen huet, deelen. Et muss een awer gesinn, wat déi Aarbecht bedeit huet, déi hei gemaach ginn ass, an dofir wëll ech wéi gesot ausdrécklech de Merci vu menger Fraktioun un den Här Graas ausdrécken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Debatt, déi mir haut féieren, ass eng komplex Debatt an och eng schwiereg Debatt, an dat aus verschiddene Grënn. Den Zäitpunkt eleng, wou mir dës Debatt féieren, ass scho schwiereg. Mir wëssen alleguerten, dass an eelef Méint Wahle sinn an ech wëll net ausschléissen, dass haut och deen een oder deen aneren der Versuchung net ka widderstoen, fir bei deem schwieregen a komplexen Dossier hei dann und wann awer e Bléck op deen Datum vum nächste Juni ze werfen. Obschonns ech denken, dass mer eis an enger Matière wéi där heiter sollten op d'Faitë konzentréieren, an déi analyséieren, esou wéi se sinn.

Et ass och eng Debatt, déi schwiereg ass, well mer hei diskutéieren iwwer Faiten, well mer diskutéieren iwwer Décisiounen, politescher an administrativer Natur, déi zum Deel zéng bis fofzéng Joer, dann und wann esouguer scho méi wäit zréckleien. Dat ass net evident. Et ass eng Debatt, déi sech ëm Décisiounen dréint, déi an enger ganz anerer Zäit, ënner ganz aneren Ëmstänn geholl goufen, a wou aus engem anere Bléckwénkel och Décisioune geholl gi si wéi aus deem Bléckwénkel, aus deem mir haut déi ganz Problematik hei appréciéieren.

Mir gesinn haut villes mat aneren Ae wéi mir dat Mëtt den 80er Joren oder Ufanks den 90er Jore gesinn hunn. An deementspriechend muss een oppassen, wann een hei zu Appréciatioune kënnt, dass een awer net vergësst sech och an déi Zäit ze setzen, wou hei Décisioune geholl gi sinn, fir korrekt a fair kënnen ze appréciéieren, wat geschitt ass.

Et ass och eng schwiereg Debatt, well et am Konkreten heiansdo schwiereg ass nozevollzéien, an detailléiert nozevollzéien, wéi dann déi eenzel Ofleef a Gäng an Décisiounsstrukture waren an zustane komm sinn.

D'Kommissioun an de Rapporteur hu jo während - an de Rapporteur huet dat virdru gesot - laange Méint iwwert deem Dossier hei gesiess an et war jo net evident och opgrond vun deem wat eis u Pièce, un Donnéeën an u Material virgeluecht ginn ass, fir sech do derduerchzekämpfen. An eleng - wann ee sech den Dossier selwer ukuckt, deen haut zu eiser Dispositioun steet, deen ass jo méi wéi en hallwe Meter héich un Informatiounen, déi mer hunn - fir dovun den Tri ze maachen an d'Analys ze maachen, an ze kucke wat do en fin de compte wesentlech ass a wat manner wesentlech ass a wat näischt zur Saach bäidréit, dat ass net evident. Eng schwiereg Debatt also aus deene Grënn, déi ech opgezielt hunn.

Also, Här Asselborn, ech kann hei dru schappen, mä dat geet net ewech, dat ass eng Bless, déi awer näischt mat Violence domestique ze doen huet, mä déi mat engem Hobby ze doen huet, deem ech mech heiansdo doheem iwwert de Weekend esou am Gaart frönen.

Ech hu gesot, eng schwiereg Debatt, mä eng schwiereg Debatt verhënnert awer net, dass mer solle prezis an detailléiert kucke wat geschitt ass an dann och déi Kritiken ubréngen, déi unzebrénge sinn. Woubäi ech awer wëll soen, dass mer den Hochsitz vun deem mer erofkucken a vun deem aus mer appréciéieren a vun deem aus wahrscheinlech Verschiddener och wëlle schéissen, datt mer deen Hochsitz net ze vill héich solle stellen. Well ech fannen, Här President, mir alleguer heibannen, ech viséieren elo net d'Regierung, mä ech viséieren d'Parlament, mir alleguer hätten och Ursaach e bësse bescheiden an dësem Dossier ze bleiwen.

Well wa mer kritiséiere wat eng Rei vu Ministere gemaach hunn oder solle gemaach hunn oder vläicht net gemaach hunn an eis drop referéieren, datt déi en connaissance de cause deemools waren, Enn den 80er Joren, Uganks den 90er Joren, datt déi Informatiounen haten a mir referéieren eis selwer heibäi op Communiquéë vu Gewerkschaften, mir referéieren eis selwer op Artikelen aus Zeitungen, jo, dann hu mir selwer jo och d'Communiquéë vun de Gewerkschafte gelies. Mir hunn och d'Artikelen an den Zeitungen gelies a wa mer haut eis un deemoleg Ministeren adresséieren, da musse mer awer och dobäi net vergiessen eis selwer ze interpelléieren.

Ech muss soen, dass ech am Laf vun deene Jore ganz seelen, ech hunn der héieren, mä awer ganz seelen, äusserst kritesch Remarken hei am Parlament héieren hunn à l'adresse…

***(Interruptions)***

Ech sot jo, ech hätt heiansdo emol en Zongeschlag héieren, mä duerch d'Bank hunn ech keng vive a keng massiv Kritik a keen Opstoe vum Parlament hei opgrond vun deenen Informatiounen, déi eis och zougänglech waren, gesinn an héieren. Deementspriechend, wa mer haut d'Politik an d'Handele vun eenzelne Ministere jugéieren, da muss een, fannen ech a fënnt eis Fraktioun, trotzdeem e wéineg bescheide bleiwen, well och mir hätte Méiglechkeete gehat. Mir sinn d'Kontrollorgan vun der Regierung. A vun eiser Säit ass an deem dote Kontext iwwert déi Joren och net allze vill komm.

Dann huet sech, Här President, d'Kommissioun d'Fro gestallt, an dat kënnt am Rapport vum Här Graas eraus, dass wéi mer eis op de Wee gemaach hu fir dat Standbeen internationalen Transport hei zu Lëtzebuerg ze consolidéieren, heihinner unzezéien, awéiwäit mer eis deemools d'Fro gestallt hunn nom Cadre législatif suffisant, awéiwäit dass mer, wa mer esou eppes wéilten, deen noutwendege gesetzleche Kader, déi noutwendeg Strukturen, déi noutwendeg Kontrollsystemer, haten, wéi mer dat gemaach hunn.

Ech denken, dass een déi Fro mat Nee muss beäntweren, mä dat ass awer net nëmmen an dësem Fall esou gewiescht. Déi Zäit wéi mer eis beméit hunn d'Finanzplaz hei zu Lëtzebuerg ze consolidéieren, wéi mer déi éischt Finanzservicer heihinner ugezunn hunn, och dunn hate mer, Här President, nach kee vollkommene gesetzleche Kader. Wéi vollkommen datt e war gesäit een dorun, datt mer schonn 20 Joer amgaange sinn dee Kader ëmmer erëm mat neien Texter esou ze gestalten, dass e conforme ass, an dass mer propper a korrekt an deem Dossier kënnen évoluéieren.

Esou war et och an dësem Domän. Wéi mer domat ugefaang hu gouf et net vill u gesetzlechem Arsenal, deen dee ganzen Dossier hei entouréiert huet an deementspriechend huet ee musse „step by step", au fur et à mesure och wéi d'Problemer sech gestallt hunn, virgoen, fir kënnen an dësem Domän virunzekommen. Dofir denken ech, wann een d'Diskussioun fair, objektiv a korrekt wëllt féieren, dann däerf een déi Elementer do, déi ech bis elo opgezielt hunn, net aus den Ae loossen.

Et bleift awer, dass et zu enger Affär Kralowetz koum. Eng Affär Kralowetz, wat net näischt war, déi en fin de compte och nëmmen d'Drëps war, déi d'Dëppen iwwerlafe gelooss huet a wou mer eis dunn alleguerte mateneen, d'Regierung a mir, bewosst gi sinn, datt et awer an deem ganze Beräich, an deem ganze Secteur hei zu gewëssen Ausuferungen am Laf vun de Jore komm war. A wann ee gesäit wéi am Kader vun der Affär Kralowetz Leit ausgebeut gi sinn, andeems datt keng korrekt Salairë bezuelt gi sinn, andeems datt se onméiglech Zäiten hu musse fueren, andeems datt hir Rechter regelrecht mat Féiss getrëppelt gi sinn, dann däerf een d'An net zoumaachen. Dat ass grave an dat war ganz grave! An et muss ee sech d'Fro stellen: Wéi konnt et esou wäit kommen? Et muss ee sech och d'Fro stellen, ob dat alles hätt kënne verhënnert ginn.

Wann ech d'Fro stellen: Hätt et kënne verhënnert ginn?, da gëtt et an deem Kontext kee Jo a keen Neen. Et gëtt esou eng Zwëschenäntwert. An engem éischte Stadium kënnt een emol soen, net onbedéngt, well ech hu virdru gesot, et gouf deemools, a laang Zäit net dee perfekte gesetzleche Kader, dee mer gebraucht hätten. Et gouf Problemer mat der nationaler a mat der europäescher Législatioun. An da muss ee gesinn, dass och praktesch Problemer bestanen hunn um Terrain. Wéi hätt ee kënnen hei virgoen, wann ee gesäit, dass dat doten nach net esou reglementéiert ass?

Op där anerer Säit hate mir mat engem Mann ze doen, deen op eng äusserst subtil a clever Aart a Weis all déi Lacunen, déi an eiser Gesetzgebung waren, ausgenotzt huet. Et ass och dat d'Ursaach, firwat dass et esou laang konnt goen. An der Affär Kralowetz schwätze mer jo net vun engem Etablissement stable, deen net hei zu Lëtzebuerg gewiescht wär. Där war eent hei. Deen hat eng Entreprise hei. Deen hat eng Firma hei. Mä deen huet Lacunen ausgenotzt, déi an den Texter stungen, an hien huet och an eenzelne Fäll d'Verwaltung op d'A gedréckt mat deene Pièce, déi hie produzéiert huet, déi hien huet musse produzéieren, notamment wat d'Umeldung vu senge Leit bei auslännesche Sozialversécherungen ubelaangt. Iwwert dee Wee war et méiglech. D'Verhënnerung vun deem wat geschitt ass an der Affär Kralowetz war net esou ganz evident.

Ech muss awer déi Fro mat Jo beäntwerten, wann ech op där anerer Säit gesinn, wat fir eng Méiglechkeeten datt mer awer haten. Ufanks den 90er Jore si jo awer schonn, wat d'Firma Kralowetz ubelaangt, Clignotanten ugaangen. Et war jo awer bekannt deemools, datt deen e ganze Koup Chauffeure beschäftegt hat, déi net an engem régulièren Aarbechtsverhältnis évoluéiert sinn. Dat war bekannt an et ass op d'Demande vum Transportministère deemools, wou den Aarbechtsminister gefrot ginn ass: Mä gitt eis emol Zäit fir déi Problematik do an de Grëff ze kréien, fir déi Problematik ze régulariséieren, fir eis conforme ze setze mat eise Gesetzgebungen.

A wat ass du geschitt? Dunn huet dat gedauert. Dee Provisorium huet bal dräi Joer gedauert, bis dem Aarbechtsminister de Colli geplatzt ass an dee gesot huet: Elo geet et duer! Ech maachen dat do net méi mat! Ech stelle fest, datt all Äre gudde Wëllen, deen Der hat, Dir Kralowetz, fir Iech conforme ze

maachen, datt deen net gefrucht huet. Net nëmmen, datt Der Är Leit ofbaut an amplaz communautairer anzestellen, gitt Der weider Leit aus net EU-Länner astellen. Dat do ass net conforme mat eiser Législatioun. Ech applizéieren elo d'Gesetz.

Hien huet net nëmmen dat vis-à-vis vun der Firma Kralowetz gemaach, mä hien huet all déi europäesch Länner - et sinn der eng zwanzeg, mengen ech - ugeschriwwen an huet gesot: Mir toleréieren an Zukunft zu Lëtzebuerg dat doten net méi. Passt op op d'Certificaten a wat Der mat Äre Leit maacht. Déi hunn op jidde Fall kee regelrecht a kee geregelt Aarbechtsverhältnis hei zu Lëtzebuerg, egal wat Iech presentéiert gëtt. Ech mengen, do gouf reagéiert an do war jo awer gewosst: Il y a un problème. Et war och gewosst, dass deemools schonn Affäre géint den Här Kralowetz um Geriicht gelaf sinn, an zwar wéinst méi klenge Vergehen, mä ëmmerhin.

A wann ech da mer d'Fro stellen: Jo, wéi ass et da mat de Kontrollen? Ech hätt awer elo geduecht, datt et esou wär, datt wann ee Kontrolle mécht an et huet een e Service fir Kontrollen ze maachen, dass een do net permanent déi Entreprisë kontrolléiert, déi en règle sinn oder deene bis dohin näischt ze reprochéiere war, mä datt ee seng Kontrolle fokusséiert op déi Leit, déi notoresch an den Irrégularitéiten dra sinn, wou ëmmer erëm festgestallt gëtt, datt se sech net un d'Regelen halen, ob dat d'Législation routière oder d'Législation sociale oder egal wéi eng aner ubelaangt. Or, dat ass net geschitt, an dorobber kommen ech spéider nach eng Kéier zréck.

Här President, eis Kommissioun hat als Missioun «d'examiner les pratiques en rapport avec les irrégularités dans le domaine du transport international». Fir mech stellen sech hei zwou Constatatiounen, déi ee muss festhalen.

Éischtens, an de Rapporteur huet et gesot, d'Absence vu Kritären, vu Regelen an Transparenz, op wéi eng Aart a Weis dass déi Lizenzen, déi Autorisatiounen sollten attribuéiert ginn. Där ware keng do, och wann et eng Rei vu Konditioune gi sinn, déi d'Firmaen hu missen erfëllen. Et gouf keng Kritäre no deenen hei verdeelt ginn ass, an dat huet jo och dozou gefouert, dass, wéi d'Geriicht gesot huet, den héije Fonctionnaire am Ministère, den Här Morby, e „quasi pouvoir absolu" hat, e „pouvoir discrétionnaire". Hie konnt u sech maache wéi hie gewollt huet an dat huet jo och spéiderhin zu all deene Verwerfunge gefouert, fir déi hie veruerteelt ginn ass.

D'Absence vun deene Kritären an zweetens d'Kontrollen. Et ass manifeste an et geet aus dem ganzen Dossier vun allen Zeien, no Ausso vu jidderengem ervir, datt zwar Kontrolle vum Service routier gemaach gi sinn; et sinn der vill gemaach ginn, mä et sinn der net genuch gemaach ginn. Si selwer hu bedauert, datt se net genuch Moyenen haten, fir déi Kontrollen ze maachen. An da virun allem sinn aus deene Kontrollen, aus deem wat festgestallt ginn ass, keng Konsequenze gezu ginn, à tel point, datt déi Leit gesot hunn: Mir waren demotivéiert fir nach iergendeppes ze maachen, well et jo net zu Konsequenze komm ass wéinst deem wat mir festgestallt hunn, wéinst deenen Irrégularitéiten, tant um Plan pénal wéi och um Plang vum Ministère.

A wann ech déi zwee Punkten huelen, Här President, d'Absence vun de Kritären an d'Kontrollen, déi net suffisant waren, an ech héieren dann, datt de fréiere Minister seet: „Ech hu mech selbstverständlech net beschäftegt mat den individuellen Attributioune vun de Lizenzen am Ministère", da soen ech: C'est normal. Dat ka jo net sinn, datt e Minister sech an de Ministère sëtze geet an do d'Lëscht vun de Leit, déi gären eng Autorisatioun hätten, duerchkuckt an checkt, a kuckt a kontrolléiert a mécht an deet an herno seet: Deen an dee kritt eng. Esou geet et net. Dat ass d'Aarbecht vun der Verwaltung. An hei kann och kee Reproche un iergendee Minister goen, well dat doten ass einfach net d'Aufgab vun engem Minister, dat ass d'Aufgab vun der Verwaltung.

D'Aufgab vum Minister ass allerdéngs, wann ee wéi an dësem prezise Fall Mëtt den 80er Joren en neit Standbeen wëllt opbaue goen, e Standbeen, wat besteet aus internationalem Transport - mir hu Lizenzen, mir brauchen se net alleguer hei zu Lëtzebuerg, wa mer da scho wëllen eis op den internationalen Terrain beginn an déi Leit heihinner unzéien -, da muss ech awer als Minister, an do läit d'Responsabilitéit, higoen an dofir suergen, datt e Kader geschafe gëtt an deem dat Standbeen do sech kann entwéckelen. An hei war net vill ze maachen. Vill Saache waren an der Rei. Déi si jo komm wéinst eise Steieren a wéinst anere Virdeeler, déi se haten, mä fir hir praktesch Organisatioun a wéi se sollte fonctionnéieren huet missen e Kader geschafe ginn, hunn eng Rei vu Regele missen opgestallt ginn.

Et ass do, wou d'Responsabilitéit vum Minister gefuerdert war, wou hien hätt misse soen: Hei, do ass d'Affär. Mir fueren no esou an esou grousse Kritären. Voilà, héije Fonctionnaire, bekëmmer Dech elo drëm, datt no deenen dote Kritären dee Service do leeft. Or dat, Här President, ass net geschitt. En Fait gouf gesot: Elo maache mer dat do, mir kucken, datt mer den internationale Stroossentransport heihinner kréien. Dat kann eis steierlech eppes bréngen. Dat bréngt eis eppes an d'Keess an ëm d'Organisatioun dovun këmmert Dir, Fonctionnaire, Iech. Kuckt, dass dat leeft!

Här President, do ass u sech de Feeler an och de Reproche. Nach eng Kéier, net de Fait vun den Attributiounen, mä de Fait vum Kader an deem d'Lizenzen an d'Attributioune verdeelt gi sinn. Do hätt missen eng Surveillance sinn.

An dann, Här President, d'Affär vun de Kontrollen, déi eng grouss Roll an dësem Dossier spillt an déi, mengen ech, och villes hätt kënne verhënneren, wann déi Kontrolle besser, anescht a mat méi Konsequenz ausgefouert gi wären an och wann déi Kontrolle Suitë kritt hätten.

Déi Leit, déi Beamten do, hunn hiert Bescht gemaach. Déi waren zu zwee a wann een d'Zuel vun de PVen an de Rapporte gesäit, déi déi geschriwwen hunn an engem Joer, da kann een deene Leit wierklech kee Reproche maachen, mä déi haten net Leit genuch fir dee ganzen Domän, dee sech hei an der Zwëschenzäit entwéckelt hat, an deen ëmmer méi Ampleur kritt huet, seriö ze kontrolléieren. Virun allem huet et un de Suitë gehaangen, esou gutt um penale Plang wéi och um Plang vum Minister.

Fir mech war u sech an där ganzer Dokumentatioun, déi mer haten, mat dat Erschreckendst wéi mer e Protokoll oder e Rapport vum Colonel Diederich vun 1990 gesinn hunn, dee sech referéiert op Procès-verbauxen, déi den Här Sinner gemaach hat, wou hien dann dem Ministère dat zoukomme léisst a seet: Il faut agir, hei ass vill Misär, dee mir festgestallt hunn, an hie libelléiert dee ganze Misär op an hie gëtt dat den 19. August op den Transportministère eran. Iwwregens deen zoustännege Minister vun deemools huet dat ni gesinn, hien huet eis confirméiert, dass hien déi Saachen ni op de Büro kritt huet an den Här Morby hat wahrscheinlech gutt Ursaachen, firwat datt hien dem Minister et net op de Büro geluecht huet. Mä wann een deen Dossier gesäit vum Här Diederich - an dräi Deeg drop kritt den Här Diederich schonn eng Äntwert op dee Bericht, deen hien eraginn huet - an et kuckt een sech emol déi Froen un, déi den Här Diederich do gestallt kritt vum Här Morby: Amplaz datt hien emol op de Fong vun deem, wat do reprochéiert gëtt, ageet, stellt hien hei eng ganz Rei vu Froen.

Éischtens: «Le brigadier Sinner peut-il indiquer le numéro d'immatriculation des camions verbalisés?» Dat verstinn ech nach. An da seet hien: «Le brigardier Sinner peut-il fournir des précisions sur les dispositions légales à l'appui de son assertion? Le brigadier Sinner peut-il citer les articles de la loi modifiée?», déi mat der TVA ze doen hunn. «Le brigadier Sinner peut-il fournir des précisions sur les autres lois luxembourgeoises qui se …. ?» Also ech muss Iech soen, dat ass awer e staarkt Stéck, dat doten.

Do gëtt de Chef vun der Gendarmerie e Bericht eran. Dee signaléiert kéipweis Infractiounen, an amplaz datt deenen nogaange gëtt, geet deen zoustännege Mann, dee sech dorëms soll bekëmmeren an dee mam Minister iwwert dee Problem soll schwätzen, mä deen dem Minister kee Wuert dovunner seet, do zréckschrauwen a seet: Dir Herrschaften, also ier Der eis hei midd maacht mat all Äre Constatatiounen, gitt eis emol d'Gesetzestexter un op déi Der Iech baséiert.

Dir Dammen an Dir Hären, wat soll dat? Woura besteet dann do de Contrôle ? Hei war Contrôle gemaach ginn, mä hei ass de Contrôle boykottéiert gi vun deene Responsablen aus dem Ministère. An dat Schéinst ass, et war dunn eng Réunion interministérielle ugefrot ginn. Den Här Morby wollt keng Réunion interministérielle. Hie wollt emol e perséinlecht Gespréich mam Här Diederich oder mam Här Sinner, oder mat wiem och ëmmer. Firwat wollt hien da keng Réunion interministérielle? Do muss ee sech jo awer Froe stellen. Hie geet schonn de Saachen net no, déi am Protokoll stinn. Hie stellt Froen, déi een net stelle geet oder déi een och nach ka stellen, mä dee Rapport hätt awer aner Konsequenze bedeit, wéi hei dee Mann ze froen: Gitt mir d'Gesetzestexter un op déi Der Iech baséiert fir Infractiounen do ze justifiéieren. An hie refuséiert eng interministeriell Réuniouun.

Dat alles, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass awer scho ganz louche. An datt dat alles och net um Büro vun deem zoustännege Minister lant mécht d'Saach net méi däitlech, fir net méi an där doter Fro ze soen.

Här President, ech wëll dann e Wuert soen zu deem wat den héije Fonctionnaire selwer ubelaangt - ech war zwar elo schonn dobäi, mä ech muss nach eng Kéier drop zréckkommen. Hei ass virun e puer Méint en héije Fonctionnaire vun de Lëtzebuerger Geriichter wéinst aktiver Korruptioun condamnéiert ginn.

***(Interruptions)***

Pardon, wéinst passiver Korruptioun condamnéiert ginn. Ech stellen Iech emol d'Fro, ob ee vun Iech heibanne sech kann erënneren, wou an deene leschte Joren oder Jorzéngten en héije Fonctionnaire wéinst Korruptioun, passiver Korruptioun, veruerteelt ginn ass.

Dat ass hei geschitt. An dat ass net näischt. Dat hei ass kee Kavaléiersdelikt. Dat hei ass eng extrem grave Infractioun, d'autant plus vun engem héije Fonctionnaire. Deen huet sech bestieche gelooss am Exercice vu senger Professioun. A wann een elo gesäit, wat u sech en fin de compte beim Uerteel erauskomm ass, an et kuckt een emol nach dernieft all déi Faiten, déi zwar etabléiert waren, mä déi net méi konnte jugéiert ginn, well se verjährt waren, da gesäit een an da kann een eréischt d'Envergure an d'Gravitéit vun deem moosse wat hei geschitt ass.

Ech denken net drun, an ech denken et ass och keen heibannen, deen iergendengem Minister hei, deen deemools zoustänneg war, e Reproche draus mécht, well et a sengem Ministère nun eben emol e Mann gouf, dee sech bestieche gelooss huet. Dat kann iwwerall an zu all Moment geschéien. Ech hoffen, datt et net de Fall ass, mä kee kann ausschléissen, datt et net an engem sengem Betrib, fir deen, deen e Privatbetrib huet, Leit gëtt, déi sech bestieche loossen.

Kee kann ausschléissen, datt et beim Stat, iergendwou op iergendengem Niveau, nach ee gëtt, dee sech bestieche gelooss huet. Dat ka geschéien. Dat gëtt et. Dat gëtt et am Ausland. Mir hu gesinn, datt et dat och bei eis gëtt, mä engem Minister e Reproche doraus ze maachen, dat kann net sinn, well dee Minister kann dat net wëssen. Hie kann et eréischt wëssen, wann eng definitiv Condamnatioun do ass an dann ass et un him fir seng Konsequenzen doraus ze zéien. An dësem Fall war dat jo net méi noutwendeg, well de Fonctionnaire net méi am Amt war.

Ech soen Iech, datt all déi savant Theorien, déi mir ewell 1998 gefouert hunn an déi mer haut och erëm féieren, iwwer Organigrammen, iwwer „job description" an, an, an, déi hätten dat do alles net verhënnert. Déi hätten net verhënnert, datt ee korrupt ass. Déi hätten an dësem prezisen Dossier, och wa mer méi prezis Deskriptioune vun Tâchë gehat hätten, dat nach net kënne verhënneren.

De Reproche, Dir Dammen an Dir Hären, ass net op deem doten Niveau. De Reproche ass um Niveau, dass hei Ufanks den 90er Joren, wéi - wat mer als Kommissioun genannt hunn - „d'Clignotanten ugaange sinn", dat net eescht genuch geholl ginn ass. Dat ware Clignotanten, déi doranner bestanen hunn, datt d'Press bericht huet, datt eng Enquête administrative huet missen ordonnéiert ginn, och wa se zu kengem Resultat gefouert huet, dass eng Perquisitioun, wat en extrem graven Akt ass, an engem Ministère gemaach gouf, datt eng Enquête pénale géint e Mann, géint e Fonctionnaire entaméiert gouf. Dat ware Clignotanten. An déi Clignotanten, an do läit eise Reproche dran, sinn net eescht genuch geholl ginn.

Net well mer mengen, dass de Minister dunn hätt missen dee Fonctionnaire do mutéieren, op eng aner Plaz setzen oder en entloossen. Neen, dat konnt hie jo iwwerhaapt net. De Minister, opgrond vun der Enquête administrative, huet dee Mann missen op senger Plaz loossen.

Mä wat mir reprochéieren, dat ass wéi déi Clignotanten do ugaange sinn, dass dunn de Minister ëmmer gesot huet: Ech bekëmmere mech ëm d'Politik, ech hu keng Zäit fir mech och nach ëm d'Administratioun ze këmmeren. Wéi déi dote Clignotantë bis u waren, dunn hätt de Minister zumindest misse soen: Sou, lo ginn ech emol eng Kéier an dee Service an ech héiere mer dat emol un an ech kucke mer emol un, wat do leeft a wéi d'Saache lafen an dann hätt hie seng Direktive ginn an dann hätt hie seng Leit viruschaffe gelooss. Mä ne rien faire an dësem Fall a Presenz vun deene Clignotanten do, dat, Här President, ass e Reproche, dee mer deem deemolege Minister net erspuere kënnen.

Nach e puer Wuert iwwert d'Konklusioune vun der Kommissioun, d'Position dominante vum Här Morby mat sengem „pouvoir quasi-discrétionnaire", wéi d'Geriicht geschriwwen huet. Ech hu scho gesot, „job description" an Organigrammen hätten hei net vill geännert. Wann Dir wëllt engem Fonctionnaire am Ministère ganz vill Pouvoire ginn, da schreift Der dat an Ären Organigramme oder an Är „job description" dran, an dann huet hien se. A wann dat an dësem Fall esou gewiescht wier, dann hätt dat jo iwwerhaapt net verhënnert, wa mer dat och nach gehat hätten, dass dee Fonctionnaire awer no deem Muster virgaange wär wéi hie virgaangen ass. Neen, hei war eng gewollte Situatioun, an ech kritiséieren déi emol net après coup. Wann Dir Vertrauen an en héije Fonctionnaire oder an e Mann hutt, mä da gitt Der deem selbstverständlech Pouvoiren.

Et ass net do, wou d'Fro läit. Dat hätt ee kënne maachen. Dat ass eng politesch Décisioun. Natierlech muss een dann awer och d'Responsabilitéit dofir iwwerhuelen, wann een engem esou Pouvoirë gëtt, wann eng Rei vu Saache schief ginn. Ech hu gelies an den Dokumenter, déi eis zougestallt gi sinn, notamment vum Här Grethen, dass hien haut dee Service do personalméisseg anescht organiséiert, datt haut an deem Service méi Leit sinn.

Et huet zwar nach ëmmer een déi iewescht Responsabilitéit, mä ënnendrënner sinn zwee héich Fonctionnairen, déi mat deem, deen een dann de Chef nennt, kucken: Wéi ass den Dossier, wat maache mer? An déi ginn hir Iddien, déi maachen hir Suggestiounen, hir Propositiounen, et gëtt gemeinsam délibéréiert an en fin de compte, wann dat fäerdeg ass, da gëtt eng Décisioun gemeinsam, oder, wa keen Accord fonnt gëtt, vum ieweschte Fonctionnaire geholl. Dat ass eng kolleegial Zesummenaarbecht an dat verhënnert, datt ee Mann ze vill Pouvoir kritt, esou wéi et an dësem Fall de Fall war.

Dann ass opgeworf ginn an eisem Rapport, esou wéi schonn 1998, deemools ouni Äntwert, haut ouni Äntwert, d'Fro vun der Confiance vun engem Minister a säin éischte Mann oder seng zwee éischt Leit an engem Ministère.

Dat ass eng Relatioun, dat fonctionnéiert bei eis esou. Dir hutt en Administrateur général oder Dir hutt zwee ganz héich Fonctionnairen an Ärem Ministère, wann et e groussen ass, dat sinn Är Hommes de confiance. Mat deene musst Der schaffen. Ouni Confiance, dat ass den A an den O vun dem Fonctionnement vun eisem System, geet dat net.

Wat geschitt dann elo an engem prezise Fall, wann esou e Fonctionnaire do steet an zu engem gewëssse Moment geschéie Faiten opgrond vun deenen Dir sot: Ech hunn elo kee Vertraue méi an déi Fra oder an dee Mann? Ech hätt mer elo kënne virstellen, datt ee vun deenen deemolegen Titulairen aus deem Ministère op dee Gedanke komm wär oder och dee Feeling gehat hätt, mä en fait awer näischt konnt maachen. Wat hätten si da solle maachen? Et konnt een dee Fonctionnaire do net mutéieren. An eisem Statut, an d'autant plus wou eng Enquête administrative war, déi hie jo wäissgewasch hat, gouf et keng Méiglechkeet.

Or, mir werfen haut nees déiselwecht Fro op wéi mer se schonn 1998 opgeworf hunn, ouni awer eng konkret Äntwert ze ginn. Da musse mer de Courage och eng Kéier zesummenhuelen a soen: Wann dat geschitt an engem Ministère, datt de Minister net méi d'Confiance huet a säin éischten oder säin zweeten oder a seng zwee éischt Leit, wéi eng gesetzlech Méiglechkeete gi mer dann do, fir där dote Situatioun opzehëllefen, well et kann ee kengem Minister zoutraue während zwee, dräi, véier oder vläicht souguer fënnef Joer musse mat Leit zesummenzeschaffen, déi hien torpedéieren an an deen hie keng Confiance kann hunn?

D'Problematik vum Conseiller politique, ob dat d'Léisung ass? Also Dir Dammen an Dir Hären, ech hu meng Bedenken do dobäi. Mir sinn net ofgeneigt fir eis Gedanken iwwert déi Problematik ze maachen. Ech denken awer, dass déi muss

verdéift ginn, well esou einfach an esou schéi wéi an der Theorie d'Problematik vum Conseiller politique ausgesäit, esou verzweifelt kann ee ginn, wann ee sech awer ukuckt wéi an der Praxis dat dote ka fonctionnéieren. Ech wëll nëmmen ee Stéchwuert hei nennen, d'Rivalitéit, déi Der wäert erliewen. Op där enger Säit de Conseiller politique nieft dem Minister an op där anerer Säit den éischte Mann, Chef vun der Verwaltung, wann et ëm d'praktesch Gestaltung an d'Exécutioun vun der Verwaltung an d'Gestaltung vun der Politik geet. Ech wëll lech soen, wa mer dat eng Kéier maachen, da wäert Dir emol gesinn, datt deen Terme vu Rivalitéit a vu Schwieregkeeten een ass, dee ganz oft erëmkënnt.

D'Delaië vun der Affaire pénale. Et ass net normal, absolut net normal: sechs Joer Instructioun, duerno nach eng Kéier praktesch véier Joer. D'Kommissioun hätt gären Opklärung. Ech weess, dass de President vun der Commission juridique, den Här Mosar, fir mar de Mëtteg eng Réunioun aberaumt huet mam Procureur fir iwwert déi Fro do ze diskutéieren, fir net iwwert de Fong vun där Affär ze schwätzen, mä einfach fir gewuer ze ginn, wann dat da méiglech ass, wat d'Ursaache waren.

***(Interruption)***

Gelift?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dann ass dach Chambersëtzung?

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här Bausch, waart ee Moment. Dir wäert d'Invitatioun gläich kréien, da wäert Der gesinn, dass dat parfaitement méiglech ass. Déi Réunioun kann an aller Rou ofgehale ginn.

Réforme du droit d'enquête. Ech muss lech soen, Här President, sauf extrême urgence an engem aussergewéinlech gravë Fall wäerten ech a meng Fraktioun der Chamber hei soubal eisen Accord och net méi gi fir eng Commission d'enquête, wa mer net deen Droit d'enquête hei reforméiert hunn.

Une voix.- Très bien.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Dee Misär, dee mir hei erlieft hunn, an déi Gratwanderung, déi mer hu misse maache wéinst deem Procès pénal, deen amgaange wär, wou mer net wossten: Däerfe mer, däerfe mer net, wou sinn hei d'Limiten? Trotz allen Avisen, déi déi bescht Juristen, wou mer gemengt hunn, eis ginn hunn, hu mer Gratwanderunge gemaach. Et huet een all Kéiers bei all Schratt a bei all Millimeter, deen ee bougéiert huet, misse fäerten, dass een elo erëm hei géif an dem Beräich vun der Justiz enquêtéieren. Esou eppes wëll ech net méi matmaachen. Dat war scho regelrecht peinlech wéi mer eis do hu misse virtaaschten, wochelaang waarden, ier mer erëm konnten e Schrack maachen.

Mir mussen deen Droit d'enquête hei reforméieren. Ech hunn en Artikel vum honorablen Här Bodry gelies, deen iwwert déi Problematik do geschriwwen huet. Ech denken, datt do e groussen Deel vun de Froen, net all, mä e groussen Deel vun de Froen ugeschnidde gi sinn, an datt do Pisten opgezeechent gi sinn, déi ee kënnt goen.

Här President, ech wëll zur Konklusioun kommen. Ech wëll dovir warnen, wa mer korrekt a fair sinn, aus der Affär Kralowetz ze schléissen, datt dee ganzen Transportberäich während deene leschte 15 Joer dérivéiert wär, wéi an engem Dschungel sech entwéckelt hätt, an datt de Wildwuchs hei sech selwer iwwerlooss gewiescht wär.

Deem war net esou. D'Affär Kralowetz steet am Vierdergrond, mä à part vun der Affär Kralowetz gouf et och nach e puer aner Affären, awer de loin net vun där Gravitéit. Et goufen der och, wou et sech nëmmen ëm materiell Infractioune gehandelt huet, sief et wat d'Législation routière, sief et wat aner Domäner ubelaangt, déi de loin net déi heiten Envergure haten. Mä et gouf net e generelle Wildwuchs, deen iwwer 15 Joer hei toleréiert gi wär. Et ass falsch fir d'Saachen esou ze gesinn.

Kralowetz, dat war eng Affär, déi ervirgestach huet. Et gouf awer nëmmen eng Affär Kralowetz. An do dernieft gouf et wéi gesot eng Rei vu méi klenge Firmen, wou et Problemer gouf. Mä et muss een awer och feststellen, dass am Laf vun de Jore reieweis där Transportfirmaen do, déi Boîtes aux lettres waren, zougemaach gi sinn, hiren Agrément entzu kruten opgrond vun den Enquêten, déi gemaach gi sinn, opgrond vun deem, wat deen een oder deen anere Ministère deem engen an deem anere matgedeelt huet.

Ech hunn an där Dokumentatioun, déi mer gesinn hunn, gelies, dass speziell vun 1995 un d'Madame Delvaux x-mol Bréiwer geschriwwen huet, wou si gesot huet: Déi an déi Firme schéngen eis nëmme Boîtes aux lettres ze sinn a wou doropshi reagéiert ginn ass an déi Boîtes aux lettres den Agrément ewechgeholl kritt hunn. An da kuckt lech emol d'Législatioun u wéi déi am Laf vun de Joren trotzdeem verfeinert ginn ass, bis zum Joer 2000, wou mer dat lescht Gesetz gestëmmt hunn. De Mëttelstandsminister huet versicht an eng ganz Rei vu Froe méi Transparenz eranzekréien. Hien huet versicht…

***(Interruption)***

Neen, méi fréi.

***(Interruption)***

Mä 2000 gouf de Projet ausgeschafft. E gouf awer eréischt 2002 gestëmmt. Mir haten e grousse Problem, notamment fir den Agrément ewechzehuele vu Säite vun de Classes moyennes. Dat war e grousse Problem, well deen nëmme kann zréckgezu ginn en cas d'infraction grave et répétée. Esou steet et am Text dran. Or, eng Infraction grave et répétée muss vun engem Tribunal constatéiert sinn, bis datt ee kann Applicatioun dovunner maachen. De Mëttelstandsminister huet Mëtt den 90er Jore versicht déi Konditioun vun den Infractions graves et répétées aus dem Text erauszekréien. Hien ass awer zum Deel gescheitert dorunner - an d'Infractions graves sinn iwwreg stoe bliwwen - well de Statsrot net dermat d'accord war.

Ech wëll doraus nëmme just soen, datt et falsch ass fir ze soen, hei wär iwwer all déi Joren net versicht ginn deem, wat dann eben als Wildwuchs hei considéréiert ginn ass, bäizekommen. Et krute reieweis - ech hunn hei e Rapport vun 1993 - vum Groupe de travail «entreprises ne disposant pas d'établissement stable: Le ministre des classes moyennes fait savoir…», - 13 Firme beieneen - den Agrément entzunn an deem Domän, well se keen Etablissement stable waren. Anerer kruten eng Chance fir sech conforme ze setzen. Esou ass dat iwwer all déi Jore gaang.

Liest an den Annexen, déi den Här Morby eis iwwerginn huet, wéi en an der Kommissioun war, dat wat d'Madame Delvaux an de Jore '95 a '96 gemaach huet, wou se signaléiert huet wat u Problemer do wär a wou se gemengt huet, datt den Agrément misst ewech geholl ginn.

An dann, wéi gesot, sinn eng ganz Partie gesetzlech Lacunen an deene leschte Joren hei zougemaach ginn, esou dass ech mengen, dass mer trotzdeem elo relativ gutt dotéiert wäre fir dee ganzen Domän hei ze cadréieren.

Ech muss soen, trotz dësen Efforten, déi gemaach gi sinn, war eng Affär Kralowetz méiglech. An et waren och aner Froen an aner Problemer, nieft der Affär Kralowetz, déi méiglech waren. An eisen An ass dat drop zréckzeféieren, well net genuch an net strikt genuch kontrolléiert ginn ass, well aus deene Kontrollen net déi noutwendeg Konsequenzen ëmmer erëm gezu gi sinn. Ech hunn ni gesinn, dass en Transportunternehmen wéinst Infractioune seng Lizenzen zréckgezu kritt hätt. An et ass drop zréckzeféieren, datt d'Procédures de décision, sou wéi se am Ministère bestanen hunn, net richteg waren, datt se definéiert waren an datt dat derzou gefouert huet, datt ee Mann konnt esou eng Positioun kréien an dann och esou vun där abuséieren, dass et zu deem Uerteel komm ass, wat mer kennen.

Wann ech kucken, de ganze législativen Arsenal dee mer complétéiert hunn, d'Douane déi an der Zwëschenzäit eng allgemeng Kompetenz huet fir Kontrollen ze maachen, dann d'Décisiounsmechanismen am Ministère: Villes ass op d'Schinn gesat gi fir d'Saach an d'Rei ze kréien. Ech weess net ob et mat deene Mesuren, déi mer ergraff hunn, oder déi d'Regierung ergraff huet, duergeet. Wahrscheinlech kommen nach weiderer derzou. Et sinn der awer vill ergraff ginn.

Déi Affär hei léiert eis: Wa Ministere sech nëmmen op hir Fonctionnairë verloossen, kann et virkommen, datt se verlooss sinn.

Ech wëll dat net verallgemeineren. Et sinn der vill wou kee Problem ass a wou ee sech kann drop verloossen. Mir gesinn awer ëmmer erëm datt et eenzel Fäll gëtt, wou et schwiereg ass, wann ee sech drop verléisst. An deementspriechend denken ech, dass mer gutt berode wären, d'Ministeren alleguerten, sech ganz genee d'Situatioun bei sech selwer unzekucken an ze iwwerpréifen, op wien ee sech wierklech definitiv ka verloossen.

Well ech soen lech jo datt, wann ee sech d'Ministèren ukuckt, do sinn der déi schonn zënter 15 an 20 Joer en fonction sinn, déi ënnert rouden, schwaarzen a bloe Ministere gedéngt hunn, wou ni dee geringste Problem vu Loyautéit do war, wou ni dee gréisste Problem war, dass d'Vertrauen, d'Confiance, déi geherrscht huet, tëschent deene Ministeren an deene Fonctionnairen, ébranléiert gewiescht wär. An deene meeschte Fäll ass dat esou, an dat ass och gutt esou, an dofir fonctionnéiert och villes an deem Stat hei gutt.

Mä et gëtt, wéi gesot, eenzel Fäll. Mir hunn der e puer an deene leschte Joren erlieft an deementspriechend hoffen ech, dass hei déi noutwendeg Konklusiounen och an deem Beräich gezu gi sinn. Ech fannen et sinn der e ganze Koup gezu ginn. Ob et se all sinn, weess ech net. Wahrscheinlech wäert d'Zukunft eis léieren, wat mer nach op där enger oder där anerer Plaz mussen nobesseren. Mä ech denken an ech hoffen, datt et, mat deem wat mer op de Wee bruecht hunn, zu kenger Affär Kralowetz méi wäert kommen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Weiler. Nächst Riednerin ass d'Madame Delvaux.

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech war aus verständlechen Ursaachen net Member an der Enquêtëkommissioun, an dofir wollt ech menge Kolleege merci soen, dass se mer d'Geleeënheet ginn, se mer hir Zäit zur Verfügung stellen, fir dass ech dee Rapport, an och d'Aussoen an der Press ronderëm dee Rapport, haut hei ka kommentéieren.

Déi sou genannten Affär ëm d'Praktiken am Transportministère huet jo u sech zwee Voleten. Dat eent ass den internationale Wuerentransport an dat zweet ass d'Fonctionnéiere vun engem Ministère. Wat elo den internationale Wuerentransport ugeet, do beschränkt dee sech jo par définition net op ee Land. Zwar ass eng Gesellschaft an engem Land niddergelooss, an d'Camione sinn och an engem Land immatriculéiert, mä déi Camione rulle wa méiglech permanent iwwer sämtlech Stroosse vum Kontinent, an an all Camion sëtzt ee Chauffeur, ënner immensem Zäitdrock, an deen ënner ganz schwéieren Aarbechtskonditioune muss schaffen.

An dozou kënnt dass Europa sech säit 1989 opgemaach huet an dass d'Echangë mat de Länner vun deem sou genannten neien Europa zouhuelen. Et ginn ëmmer méi heefeg Transporter a Rumänien, a Slowenien, an Ungarn, an d'Ukraine; ech wëll se net alleguerten nennen. Dat ass engersäits eng grouss Chance fir eis alleguerten an Europa, mä et stellt awer eis Gesetzer an eis Reglementer virun nei Erausfuerderungen, deene mer eis vläicht net zur Zäit bewosst gi sinn.

Ech war an ech bleiwen dervun iwwerzeegt, dass d'Léisung vun den Aarbechtskonditioune vun de Chauffeuren um europäeschen Niveau läit. Et mécht net schrecklech vill Sënn, dass mer zu Lëtzebuerg d'40- oder d'38-Stonne-Woch dekretéieren, wann dat europawäit net de Fall ass a wann et tatsächlech net europawäit ka kontrolléiert ginn.

Ech hunn an deene fënnef Joer, wou ech Transportminister war, an der Moyenne 2-mol pro Présidence a Ministeschconseilë mat menge Kolleegen iwwert d'Aarbechtskonditioune vun de Chauffeuren diskutéiert an och iwwer méi effikass Kontrolle vun hire Fuerzäiten.

Ech weess, dass meng Virgänger dat gemaach hunn, an ech weess och, dass mäin Nofolger dat gemaach huet a wahrscheinlech och nach ëmmer weiderfiert dat ze maachen. Lëtzebuerg huet traditionell eng sozial Positioun do verteidegt. Eischtens aus Iwwerzeegung, mä awer och well mir jo zu Lëtzebuerg en héijen Niveau, en héije Standard vu Protectioun hunn, a mir hunn all Intérêt drun dass och an Europa héich Standarde sinn, well dat jo eise kompetitiven Avantage méi grouss mécht. Mä all Land an Europa vertrëtt net eng fortschrëttlech Positioun, well all Land oft säin Avantage iwwert dee soziale Fortschrëtt stellt.

Dofir war et schwéier an Europa, an ech denken dass et nach ëmmer schwéier ass an Europa, eng Verbesserung vun den Aarbechtskonditioune vun de Chauffeuren ze kréien. Zéng bis 15 Joer gëtt doriwwer diskutéiert ënnert de Ministeren. A wann ech de Rapport richteg verstanen hunn, wat de Rapporteur festgehalen huet, da gëtt et säit 2002 elo mol endlech eng Position commune, wat d'Beschäftegung vu Chauffeuren aus Drëttlänner ugeet. Eng Position commune, dat heescht nach ëmmer net, dass dat elo a Kraaft ass. Mä d'Hoffnung besteet, dass elo geschwënn déi Dispositiounen a Kraaft trieden. Dat ass mol op d'mannst ee Fortschrëtt an dat ass och eng gemeinsam Einsicht, dass een an Europa muss zesummeschaffen, zesummen décidéieren an och zesumme kontrolléieren. An ech wollt och dem Minister félicitéiere fir déi Initiativ, dass d'Belsch zesumme mat eisen Nopeschlänner kontrolléiert ginn. Dat stëmmt een optimistesch fir d'Zukunft, mä domat sinn d'Problemer vun haut - an déi vu gëschter scho guer net - nach ëmmer net geléist.

Wat dann elo d'Sozialgesetzgebung ugeet, do wësse mer jo awer, dass déi net europäesch organiséiert ass, mä national. Dat heescht, jiddfereen ass an deem Land beschäftegt wou e schafft. An da gëtt et dat berühmt Reglement 1408, dat regelt wéi d'europäesch Länner sech ënnereneen arrangéieren, wann een aus engem EU-Land an dat anert schaffe geet. Dat zielt awer net fir Chauffeuren am internationalen Transport, déi net an engem EU-Land wunnen. Esou Bestëmmunge ginn et nach net. An dorëms geet et jo eigentlech an der Kralowetz-Affär, déi jo awer en Ulass vun dëser Enquêtëkommissioun sinn.

Kralowetz, mä awer och aner Transportgesellschaften, déi zu Lëtzebuerg installéiert sinn, déi fueren Transporter an Drëttlänner, a Slowenien, an Ungarn, an d'Ukraine, a mir wëssen, an dat gëtt och confirméiert vun allen Transporteuren, dass et net einfach ass e Chauffeur ze fannen an eisem Land, oder an eisen Nopeschlänner, dee bereet ass déi Transporter ze fueren. Well dat si Länner, déi mer net kennen. Et gëtt eng Sprooch geschwat déi mer net verstinn, an oft sinn och nach d'Schëlder an enger Schrëft, déi mer net kënne liesen. Also ass et net onlogesch, dass ee Chauffeuren aus deenen Drëttlänner engagéiert fir déi Transporter ze maachen, well déi fueren de Wee vun heihinner op dohinner, an et muss ee jo erëmkommen; et kënnt ee jo eng Kéier aus Slowenien zréck op Lëtzebuerg.

Elo erlaabt awer d'Lëtzebuerger Gesetzgebung net, dass ee slowenesche Chauffeur zum Beispill, dee jo net EU-Bierger ass, ee Lëtzebuerger Permis kritt. Dat ass net méiglech. Dat ass net erlaabt vun eiser Gesetzgebung. A well hie kee Lëtzebuerger Permis huet, ass en och net an der Lëtzebuerger Sécurité sociale ageschriwwen. En ass also net hei zu Lëtzebuerg krankeverséchert an ass och net pensiounsverséchert.

Ech wëll awer elo soen, dass ech kee Sozialpartner begéint hunn, deen dat gewënscht huet, fir déi Leit zu Lëtzebuerg sozial ze versécheren. Et wier jo einfach Kotisatiounen opzehiewe fir dee slowenesche Chaffeur. Allerdéngs ass et schwéier hien zum Beispill krankenzeversécheren. An haaptsächlech ass et onméiglech ze kontrolléieren, ob en déi Leeschtung, déi hei an d'Keess ageschéckt gëtt, fir ze bezuelen, kritt huet, an et ass onméiglech ze kontrolléiere wéi vill Coassuréen dann nach mat deem enge Chauffeur do verséchert sinn.

Well also dee slowenesche Chauffeur net kann zu Lëtzebuerg verséchert sinn, gëtt vun den Transportgesellschaften, déi där Leit beschäftegen, verlaangt, dass se Chauffeuren aus Drëttlänner an deem Land verséchere wou se wunnen. Déi Gesellschafte mussen och, fir Autorisatiounen ze kréien, e Certificat brénge wou bescheinegt ass, dass déi Chauffeuren aus Drëttlänner an hirem Land verséchert sinn.

Et ass also net richteg, wéi vu verschiddene Säiten hei behaapt gëtt, d'Transportministere wieren onsozial a si géife sech net ëm d'sozial Ofsécherung vun deene Leit an deem Secteur këmmeren.

Allerdéngs weess ech och, dass de soziale Standard a Slowenien, an der Ukraine net dee vu Lëtzebuerg ass. An ech weess och, dass et ganz schwéier fir eng Lëtzebuerger Verwaltung ass, oder all europäesch Verwaltung, ee Certificat aus engem Land ze kontrolléieren, deen an enger Sprooch geschriwwen ass, déi en net versteet a wou déi Verwaltung wäit ewech ass.

Lo kënne mer natierlech soen, an dat ass jo och gesot ginn: Wann déi international Transportgesellschaften net zu Lëtzebuerg installéiert wären, dann hätte mir als Land näischt domadder ze dinn. Dat ass richteg. Domat wär allerdéngs d'sozial Ofsécherung vun de Chauffeuren net besser, mä mir bräichten eis als Lëtzebuerger an als Land net dofir ze schummen. Dofir taucht jo dann d'Fro op, ob et richteg war déi Transportgesellschaften iwwerhaapt op Lëtze-

buerg eran ze huelen, an dozou wollt ech zwou Saache soen.

Éischtens, et gëtt kee Moyen enger europäescher Gesellschaft aus der EU net ze erlabe sech zu Lëtzebuerg ze installéieren, wa se d'Konditioune vum Gesetz erfëllt.

D'Gesetz iwwert den Droit d'établissement vun den Transportgesellschaften ass jo och geännert ginn. Dat Gesetz geet zréck op eng Direktiv, déi 1998 ugeholl ginn ass, an de Ministère vun de Classes moyennes, dee jo zoustänneg ass fir déi Direktiv ëmzesetzen, huet jo och e Gesetz 2000 hei an d'Chamber erabruecht. Et ass awer eréischt 2002 hei an der Chamber gestëmmt ginn.

Dat Gesetz huet d'Bestëmmunge méi streng gemaach fir d'Transportgesellschafte fir sech zu Lëtzebuerg ze installéieren, wat d'Presenz vu Büroen ugeet, wat d'Kautiounen ugeet an esou weider. Dat ass gutt. Mä ech sinn net dovunner iwwerzeegt, dass dat eng Firma drun hënnert sech zu Lëtzebuerg ze installéieren, wa se dat onbedéngt wëllt. Well déi Transportgesellschaften, déi fir d'Skandaler suergen an deem dote Secteur, dat sinn net déi kleng Firmen. Dat si grouss Firmen, déi Filialen an alle Länner vun Europa hunn, mat ganz komplizéierte juristesche Strukturen, an déi kënnen - meeschtens si se ganz finanzkräfteg - normalerweis all d'Konditioune vun eise Gesetzer erfëlle fir sech zu Lëtzebuerg ze installéieren.

Zweetens, et gëtt jo gesot, deemools an den 80er Joren, wéi d'éisträichesch Firmen op Lëtzebuerg komm sinn, du war Éisträich nach net an der Europäescher Unioun an du si mer se siche gaangen, oder jiddefalls si se hei mat oppenen Äerm emfaange ginn. Ech wëll drun erënneren, dass deemools Lëtzebuerg net am Floribus gelieft huet an dass mer als Land eis mat der Stolkris erëmgeschloen hunn. An et ass probéiert gi Créneauen op Lëtzebuerg ze kréien. An et ass och geduecht ginn, wann dës Firme géifen op Lëtzebuerg kommen, kënnt dat dem Lëtzebuerger Land eppes brëngen. Also ech kann dat net esou anschaulech schildere wéi de Marcel Schlechter dat gemaach huet.

Haut, 20 Joer duerno, wësse mer, dass dat net esou war. Dat war net gutt fir den Image de marque vu Lëtzebuerg, mä ech mengen awer dass et immens iwwerhieflech ass engem Onsozialheet ze ënnerstellen, wann een an enger gudder Absicht gehandelt huet. An ech hu jiddefalls de Marcel Schlechter ëmmer nëmme kannt als e sozial ganz engagéierte Mënsch, deen och als Minister ëmmer d'Rechter vun de schaffende Leit verteidegt huet.

Da wëll ech zu de CEMT-Autorisatioune kommen, dee Schäin also, deen e Camion brauch fir däerfen an Drëttlänner Wueren ze transportéieren. Lëtzebuerg hat ëmmer eng déck Portioun CEMT-Autorisatiounen, well mer vun Ufank un dobäi waren. An ech soen och, dass mer am Laf vun de Joren eisen Undeel net méi kleng gemaach hunn, mä éischter méi grouss. An d'Fro ass jo: Hu mer, doduerch dass mer CEMT-Autorisatiounen haten, nach méi Transportfirmen hei zu Lëtzebuerg ugezunn?

Bon, ech wëllt ganz allgemeng mol feststellen, dass Lëtzebuerg auslännesch Firmen unzitt, wéinst enger ganzer Rei vun Avantagen, déi eist Land ubitt an op déi ech hei elo net wëll am Detail agoen, an normalerweis si mir jo ganz frou doriwwer, dass auslännesch Firmen op Lëtzebuerg kommen, an heiansdo bretze mer eis domat, dass auslännesch Firmen op Lëtzebuerg kommen. Awer net am Transportsecteur. An dofir wëllt ech hei trotzdeem soen dass ech der Meenung sinn, dass Transporteur en honorabele Beruff ass, a mir brauchen d'Transportgesellschaften, an ech wëll jiddefalls net ee ganze Secteur condamnéieren, well et schwaarz Schof an deem Secteur gëtt.

Zréck op d'CEMT-Autorisatiounen. Et ass méiglech, et ass souguer wahrscheinlech, dass d'Méiglechkeet, relativ einfach där Autorisatiounen ze kréien, e supplementaren Attrait war fir op Lëtzebuerg ze kommen.

Ech ginn och zou, dass ech an deene Joren, wou ech an deem Ministère war, dee Service, dee sech ëm d'Verdeele vun de CEMT-Lizenze gekëmmert huet, sécher net genuch kontrolléiert hunn. Et ass allerdéngs net esou einfach, dass et duer gaange wär eemol an de Büro ze goen an ze soen: Esou geet et. Also eng Surveillance vun engem Departement an engem Ministère, jiddfereen dee mol nëmme Buergermeeschter ass, deem wënschen ech bonne chance fir déi Surveillance all Dag ze assuréieren. Mä ech huelen de Reproche un, dass ech mech net genuch domadder beschäftegt hunn.

Ech hunn effektiv dem Service d'Exécutioun dovunner iwwerlooss, awer net well ech mech net fir de Secteur interesséiert hätt, an och net well ech net gewosst hätt, dass et sozial Problemer géif gi bei deenen eenzelnen Entreprisen. An ech wëll hei just eng Klammer opmaachen: Et steet jo och am Rapport, dass notamment bei Kralowetz vun der Inspection du Travail '97 eng Enquête gemaach ginn ass. Ech ka mech nämlech ganz genau dorunner erënneren, well mir haten déi Zäit vill interministeriell Sitzungen, wou mer iwwert déi Problemer, déi jo méi Ministèren uginn, diskutéiert hunn. Mir sinn net esou wäit komm wéi mer wollten.

Ech wëll och soen, an ech wënschen all menge Successeurë bonne chance, wann e puer Ministèrë Kompetenz an enger Fro hunn, dann ass et net esou einfach d'Froen ze regelen, well do gëtt et eng natierlech Tendenz, wann eng Fro komplizéiert ass, dass am Fong ee seet: Jo mä déi do hunn hir Aarbecht net gemaach a si hunn net gemaach wat se sollten. An da sëtzt een, mat aller Surveillance déi een als Minister huet, ganz oft do an et weess et net ween dann elo Recht hat a ween net Recht hat.

Ech hu mech also net genuch mam Detail vum Verdeele vun de Lizenzen an Autorisatioune beschäftegt, well ech net geduecht hunn, an ech denken et elo och nach net, dass d'sozial Problemer vun de Chauffeure geléist wären, wann d'Transportgesellschafte keng CEMT-Lizenze méi géife kréien.

Ech muss allerdéngs soen, dass an deene fënnef Joer, wou ech zoustänneg war, kee vu mengen Interlocuteuren dee Lien do gemaach huet, och keen hei am Parlament. Et wär allerdéngs gutt wann d'Parlament, an déi Kommissioun déi sech jo ganz laang elo mat deene Froen do beschäftegt huet, deem jëtzege Minister géif Recommandatioune mat op de Wee ginn, wéi een déi Fro dann elo soll handhaben.

Mir hätte jo kënne soen - ech hu mer vill Gedanken driwwer gemaach -: Mir wëllen iwwerhaapt keng CEMT-Autorisatioune méi. Theoretesch an där Logik wäre jo dann all déi auslännesch Transportgesellschaften hei fort gaangen, déi just wéinst de CEMT-Autorisatiounen op Lëtzebuerg komm sinn. Allerdéngs hätte mer dann och keng CEMT-Autorisatioun fir Lëtzebuerger Transportgesellschafte gehat. Mir hunn awer Firmen, déi wëllen exportéieren an Drëttlänner, also brauche mer och fir den nationale Besoin CEMT-Autorisatiounen. Déi Hypothees, do ganz drop ze verzichten, déi ass jo net denkbar, well dat hätt der Lëtzebuerger Ekonomie geschuet.

An déi zweet Hypothees wär gewiescht, an där dote Konstellatioun: Mir froe manner Autorisatiounen, just esou vill wéi mer der fir eisen nationale Besoin brauchen. Bon, ofgesinn dovunner dass et schwéier ass den nationale Besoin festzeleeën, dee kann och vu Joer zu Joer änneren, a wann een ee Joer drop verzicht huet, no där Logik déi Der alleguerte kennt, da gëtt et immens schwéier dat Joer duerno der erëm méi ze froen. Et ass wéi beim Budget am Stat. Wann een eng Kéier verzicht huet, kritt een d'Sue soubal net méi erëm. Dann hätte mer also, wa mer manner Autorisatioune gefrot hätten, der manner gehat; da wär déi Wuer do jo nach méi rar ginn. Dat wier jo da wierklech eng Ressource rare ginn.

Ëmmerhin hu mer elo d'Aussoe vun den Transportgesellschafte vun dem Groupement des transporteurs, déi jo confirméieren, dass et keng Reklamatioune gouf an dass si ëmmer eng Lizenz kritt hu wa se eng gebraucht hunn. Wa se awer rar ginn, da gëtt et jo nach méi schwéier se ze verdeelen, an ech stelle mer léiwer net dat Gerangels vir wat et dann zu där Zäit gi wär fir déi CEMT-Lizenzen ze verdeelen. Ech sinn also och net sécher, dass dat dee richtege Wee ass.

Ech wëll elo nach ee Wuert soen iwwert d'Attributioun, de Processus wéi dat gaangen ass, dee jo vill kritiséiert gëtt. Also, et ass jo kloer dass all Firma, déi eng Autorisatioun huet vum Ministère vun de Classes moyennes, eng Lëtzebuerger Firma ass. Do kann ee keen Ënnerscheed maachen zwëschent Lëtzebuerger Firmen an Net-Lëtzebuerger Firmen. Eng zu Lëtzebuerg installéiert Firma also, déi eng CEMT-Autorisatioun ugefrot huet, huet missen e Formulaire ausfëlle mat allen Informatiounen, an déi Informatioune sinn dann als Annexe zum Formulaire eragereecht ginn a si si vum Transportministère weider gereecht ginn:

- un de Centre commun vun der Sécurité sociale wat d'Affiliatioun vum Personal ugeet;

- un d'Steierverwaltung wat d'Steierebezuelen ugeet;

- un de Ministère des Classes moyennes, ob d'Firma nach géif d'Konditiounen erfëlle fir d'Autorisatioun ze kréien;

- un d'Kontrollstatioun vu Sandweiler, fir ze kucken ob d'Camionen an der Rei wären; an

- un den Aarbechtsministère wat d'Permisen ugeet.

Wann ech mech esou gutt kann drun erënneren, ass et net well ech en Zougank zum Dossier hätt, oder esou en Elefantegedächtnis, mä dat steet alles am Rapport vum Här Graas, dee jo excellent ass.

Wann dann aus deenen Haiser do keng Alarmsignaler erëmkomm sinn, wann déi kee Veto ageluecht hunn, da konnten déi Firmen, déi jo dann en règle waren, CEMT-Lizenze kréien. Bon, esouwäit ech aus deemselwechte Rapport erausliesen, gëtt et nach ëmmer dee Formulaire. Et gëtt se nach ëmmer, awer mat deem Ënnerscheed, dass et elo net méi systematesch an déi aner Verwaltunge geschéckt gëtt, well déi manifestement déi Ziedelen net gutt genuch gekuckt hunn, mä elo gi punktuell Kontrolle gemaach. Et gouf keng schréftlech festgeluechte Kritären dann duerno, mä ech liesen, an ech hunn et och elo héieren, et ginn nach ëmmer keng schréftlech festgeluechte Kritären fir dann, wa jiddfereen en règle ass, d'Autorisatioun ze verdeelen. Ech weess och nach ëmmer net wéi déi Kritären an Zukunft sollen ausgesinn. Ech fanne se jiddefalls net am Rapport, an et wär nëtzlech wann d'Parlament dem Minister géif Suggestioune mat op de Wee ginn, well et ass net einfach. Ech wëll soen, ech beneiden den Här Grethen net ëm déi Aufgab do.

Da wëllt ech zu dem zweeten Aspekt vun der Fro kommen, an dat ass d'Fonctionnéiere vun engem Ministère. Et ass vill diskutéiert ginn, ob den Transportministère en Organigramm hätt oder net. Ech bleiwen der Meenung, dass en en Organigramm hat. De Robert Goebbels huet deen zesumme mat den héije Beamten zu senger Zäit opgestallt an déi Praxis ass am Haus esou bliwwen an et brauch een nëmmen en Tëlefonsbuch aus den 90er Joren ze kucken, do steet genau dran: Directeur de l'aviation, Direkter fir Schëfffahrt, Direkter fir d'Eisebunn, Direkter fir Transports routiers. D'Beamte sinn och dorënner opgelëscht. Wat iwwregens eng Ausnahm ass, well den Titel vun Direkter gëtt et an der Lëtzebuerger Fonction publique guer net. Normal gëtt et nëmme fir héich Beamten den Titel vu Conseiller.

An déi eenzel Beamten am Haus, déi ware ganz genau Direkteren zougedeelt, an all Beamte wosst fir wien en däerft schaffen a fir wien en op kee Fall däerft schaffen. Ech kenne kaum ee Ministère wou d'Kompetenzen esou prezis opgedeelt waren a cloisonnéiert waren, a vläicht läit ee vun de Problemer am Haus oder louch ee vun de Problemer am Haus doranner.

Et ginn och terribel vill Froe gestallt iwwert dee Pouvoir do vun engem héije Beamten. An ech mengen, dass déi Fro net einfach ze beäntwerten ass. Well wann e Ministère gutt fonctionnéiert, dann ass éischtens de Minister frou a wahrscheinlech huet en och e gewësse Mérite dorunner. Hien ass jo de politesche Chef am Haus. Mä ech mengen all Minister, esouwéi all Buergermeeschter, dee weess, dass hien net ëmmer physesch present am Haus ass, well en aner Verpflichtungen huet, a kann also net alles selwer kontrolléieren. Mä haaptsächlech weess all Beamten, dass de Minister net ëmmer do ass an haaptsächlech dass en net fir ëmmer do ass. Déi meescht Beamte sinn nach do wann de Minister, de politesche Responsabelë scho fort ass. Wann also e Ministère gutt fonctionnéiert, dann ass dat, géif ech soen, de Mérite vun der Fonction publique. Dat ass well do een héije Beamte sëtzt, dee seng Saach gutt mécht, deen op d'Qualitéit vun der administrativer Aarbecht vum Ministère oppasst, deen doduerch och als Autoritéit am Haus unerkannt gëtt a wat eigentlech den administrative Patron am Haus ass.

Also huet all héije Beamte vill Pouvoir. Dat ass och guer net schlëmm, esou laang wéi en net vun deem Pouvoir do abuséiert. An a villen Diskussiounen a mat ville Statsbeamten hunn ech mer och erkläre gelooss, de Contrepoids vun deem grousse Pouvoir vun de Statsbeamten, dat ass jo dee strenge Statut vum Statsbeamten, dee jo genau festleet wéi e Statsbeamte sech muss behuelen. Dëse Statut ass fir all Beamten deeselwechten. Et gëtt wuel Ënnerscheeder an der Pai tëschent de Beamten, mä et gëtt keng wat hir Rechter a Flichten ugeet. Do gëtt keen Ënnerscheed gemaach tëschent engem Conseiller an der administrativer Carrière, tëschent engem Conseiller de Gouvernement oder engem Administrateur général. Deen Ënnerscheed gëtt et do net.

Ech mengen och dass fréier, wéi et an engem Ministère praktesch ee Conseiller gouf, an ënnert him eng zolidd Carrière moyenne an eng Carrière inférieure, a wou esou eng Hierarchie praktesch natierlech gewuess ass, d'Ministèrë sécher méi kohärent fonctionnéiert hunn. An doduerch, dass ëmmer méi Universitairë bei de Stat kommen, an dat ass eng gutt Saach, an ech mengen et läit och am Trend vun der Zäit, ass déi Hierarchie an engem Ministère net méi selbstverständlech. Wa méi Universitairë vum selwechten Alter an engem Ministère sinn, dann entsteet am Glécksfall en Team, eng Equipe déi zesummeschafft, an dat ass formidabel. Am schlëmmste Fall entsti fuerchtbar Rivalitéiten tëschent gläichaltrege Conseilleren, déi kënnen an Antipathie ausaarten an déi kënnen d'Zesummenaarbecht an engem Ministère praktesch onméiglech maachen.

An engem Privatbetrib geet een dann eng Equipe auserneen huelen a se frësch zesummesetzen. An dat geet beim Stat net. An dat erkläert dann och, wéi et ka virkommen, dass an engem Haus jiddferee ganz jalous op seng Kompetenzen oppasst a keen aneren a seng Dossieren erakucke léisst. Doduerch zirkuléiert d'Informatioun am Haus schlecht an da kann et virkommen, dass een héije Beamten exorbitant Pouvoiren huet, well jo och keen aneren am Haus doriwwer informéiert ass.

Da muss een awer wëssen, da muss een awer sécher sinn, dass dee Beamten och Saache mécht déi net an der Rei sinn. Et kuckt ee kengem an de Bauch. A mir wëssen elo, säit dem 10. Januar 2003, dass dem Här Morby Saachen ze reprochéiere sinn. Ech wëll awer nach eng Kéier erënneren: 1991 gouf et Artikelen an der Press, déi gemengt hunn, en héije Beamte vum Transportministère hätt Sue kritt fir Lizenzen ze accordéieren. Dee Beamten huet dat ëmmer geleegent. En huet souguer deem Journalist, deen dat geschriwwen huet, e Presseprozess gemaach. Dunn huet d'Police judiciaire am Ministère eng Perquisitioun gemaach. Den deemolegen Transportminister Robert Goebbels huet selbstverständlech d'Diere vum Ministère opgemaach an d'Dokumenter sinn a Këschte massiv aus dem Ministère erausgeholl ginn. Deeselwechte Robert Goebbels huet eng Enquête administrative gefrot. Vu dass et sech ëm e Conseiller de Gouvernement gehandelt huet, huet de Jacques Santer, deen deemools Statsminister war, déi och verulasst, an dës Enquête ass vun engem Beamten aus dem Statsministère gemaach ginn. An dee koum zur Konklusioun, déi ech hei wëll zitéieren: «Le soussigné» - dat ass den héije Statsbeamten aus dem Statsministère - «est d'avis que l'institution de la présente enquête administrative a constitué le moyen propre à confirmer la dignité morale et professionnelle de Monsieur Morby.»

Ech sinn 1994 an den Transportministère komm. Ech wosst selbstverständlech iwwert d'Rumeurë Bescheed. Ech wosst och, dass eng Enquête administrative ofgelaf war an déi näischt zréckgehalen hätt géint den Här Morby. An ech wosst, dass d'Police judiciaire nach géif weider enquêtéieren. Dee Summer wéi ech komm sinn, 1994, war d'Enquête nach amgaangen. D'Geriichtsaffär war, wéi ech de Ministère verlooss hunn 1999, nach ëmmer net fäerdeg.

A wie wär ech dann, wann ech mer ugemooss hätt deemools ze wëssen, dass awer eppes wouer wär un deene Rumeuren, wann eng Enquête administrative bescheinegt, dass een iwwer all Zweifel steet? A mat wéi engem Recht hätt ech dann ee Beamten, deen e Statut huet wat déi Froen do regelt a wou ganz prezis Jurisprudenze sinn, mat wéi enger Légitimitéit hätt ech deem dann do a seng Kompetenzen eragefunkt, praktesch en Disziplinarverfahre gemaach? Dat ass net mäi Verständnis vun engem Rechtsstat. Ech gleewen un de Prinzip vun der Présomption d'innocence, dass kee schëlleg ass, éier de Beweis vum Contraire bruecht ass.

No allen Zweifelen an no villen Iwwerleeungen, an och wann ech mir selwer soen, ech hätt kënne besser oppassen, da gleewen ech awer nach ëmmer, dass et richteg war de Prinzip vun der Présomption d'innocence iwwer administrativ Suergen ze stellen. Ech bedauere méi, wéi vill anerer heibannen, dass et esou laang gedauert huet bis d'Geriichtsverfahren ofgeschloss war. Mä ech bedaueren

net, dass ech de Jean Morby behandelt hu wéi ee Beamten deen net schëlleg war.

Am Résumé, Här President: Den internationalen Transport ass e schwierege Secteur, wou et sécher nach vill Problemer ze léise gëtt wat d'Aarbechtskonditiounen an d'sozial Ofsécherung vun de Chauffeuren ugeet, an déi Froe kënnen nëmmen um europäeschen Niveau geléist ginn. Ech wiere mech mat där leschter Energie géint d'Behaaptungen, déi Mëssstänn wären deenen deemolegen a jëtzege Lëtzebuerger Transportministeren hir Schold. Ech weess jiddefalls, dass se alleguerten ee wéi den anere sech dofir agesat hunn, dës Situatioun ze verbesseren, an ech wëll lech soen, dass nach vill ze di bleift. An a ville Ministèren an a ville Länner zesumme muss geschafft gi bis déi Froen do all geléist sinn.

Zweetens, ech verstinn dass geduecht gëtt, ech hätt mech misste besser, méi intensiv ëm d'Surveillance vun deem Service an ëm d'Verdeele vun de CEMT-Autorisatioune këmmeren. Ech behaapten net, ech hätt alles perfekt gemaach. Mä ech sinn awer net d'accord fir ze soen, dass d'Attributioun vun de CEMT-Autorisatiounen d'Ursaach war vun de Mëssstänn an der sozialer Fro, an ech wëll och ënnersträichen, dass ech nach ëmmer keng schréftlech Kritären zu dëser Verdeelung virfannen.

Als leschte Punkt wëll ech warne virun all Hexejuegd géint jiddfereen an och géint d'Statsbeamten, a virun all bëllegem Populismus. Ech wëll eng ganz perséinlech Iwwerleeung, déi wäit iwwert dee Rapport hei erausgeet, maachen.

Ech stelle fest, dass mer ganz gären an ëmmer méi oft hei zu Lëtzebuerg an eng Skandalitis verfalen. Eng soi-disant Affär taucht op, da gëtt immens Gedausch ronderëm gemaach an da verflaacht dat, da schwätzt kee méi dovunner an da waarde mer op déi nächst. Da kënnt erëm eng.

Éischtens deet dat deene Leit, déi dovunner betraff sinn, onheemlech wéi, wa se sech näischt ze reprochéieren hunn a wa se sech net géint déi Insinuatiounen do kënne wieren.

An zweetens fannen ech et onwahrscheinlech geféierlech fir d'Institutioune vun dësem Land. Éischtens schuet et der Crédibilitéit vu Lëtzebuerg, awer och dat wou ech kee lëtzebuergescht Wuert fannen, an dofir erlaben ech mer dat laténgescht ze gebrauchen, dat ass d'Res publica, déi gemeinsam Saach, déi mécht dass mer kënnen no Regelen hei an deem Land zesumme liewen an eng Kohesioun kënne garantéieren.

Ech hunn immens vill, och wéinst der Affär, doriwwer nogeduecht. Iwwert dat wat gutt a wat schlecht hei am Land fonctionnéiert. A vill leeft gutt. Ganz vill leeft gutt an deem Land. An ech fannen, dass mir, als gewielte Vertrieder vun alle Lëtzebuerger, sollten d'Suerg hunn dat ze erhalen. An enger Zäit wou all Autoritéit hannerfrot gëtt: d'Kierch, de Stat, d'Justiz, d'Schoul, awer och d'Parlament, an enger Zäit wou d'Autoritéit sech ëmmer muss légitiméieren, wou mer mussen dem Bierger weise wat mer maachen, ass et richteg, Mëssstänn opzedecken. Ech fannen dat ass richteg. Et ass wichteg dass se opgedeckt sinn. Dat ass richteg fir d'Verwaltung, dat ass richteg fir jiddfereen. Mä et muss een awer och wësse wéini een ophält.

An eng Chamber, déi jo d'Aufgab huet d'Exécutive ze iwwerwaachen, déi misst och an deem Punkt exemplaresch sinn. An dofir mengen ech, ee Schrëtt an déi Richtung wär, dass mer eis géifen e Code de conduite ginn, och hei an der Chamber.

Ech huelen un, dass jiddfereen heibannen no enger gewësser Ethik handelt. Jiddfereen huet seng an et ginn héchstwahrscheinlech terribel Nuancen zwëschent deem enge senger an deem anere senger.

***(Interruption)***

Ech hu keng Motioun erabruecht dofir, well ech wëll net de Reproche gemaach kréien, ech géif wëllen oflenke vun iergendeppes. Mä ech géif wierklech all d'Deputéierten heibanne froen, net esou laang wéi ech, mä eng kuerz Zäit iwwert déi Froen do nozedenken, dass mer eis den Hierscht zesumme sëtzen an eis alleguerten zesummen e Code de conduite ginn, dee mer dann och der Verwaltung kënnen eventuell weiderginn.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Delvaux. Den nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Merci, Här President. Dat wat elo meng Virgängerin zum Schluss gesot huet iwwert d'Ethik an d'Moral an der Politik, doriwwer denken ech säit 1991 no, Madame. An Dir kënnt mol an Ärer Partei an an Ärer Fraktioun froe wéi d'Ethik an d'Moral deemools - 1991 - gehandhaabt si ginn. Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Häre…

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Domat kenne mer net vill ufänken.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Neen, Dir als Spëtzekandidat bestëmmt net. Dir bestëmmt net. Déi dommsten Äntwert, déi konnt Der wierklech elo ginn dorobber. Besonnesch wann ech dat wat de Virgänger gesot huet opgräifen, an ech géif dat och nach seriö huelen, da muss ech soen dass den Zwëscheruff vum Spëtzekandidat komplett déplacéiert ass.

Une voix.- Alt virun.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, an deene leschte 25 Joer ass Lëtzebuerg net verschount bliwwe vu politeschen, richtegen a sou genannten Affären. Et war '82-'83 déi sougenannt Jorhonnertaffär. Et war de Bommeleeër. Et waren Dysfonctionnementer am Gesondheetsministère 1998, an dat firwat mer haut hei sinn an diskutéieren, war d'Kralowetz-Affär. D'Kralowetz-Affär mat hire Ramificatiounen am Transportministère tëschent 1988 an 1999.

Mir hunn annerhalleft Joer dru geschafft fir Liicht an deen däregen Dossier vun den Transportlizenzen ze bréngen, deen, wéi ech gesot hunn, duerch d'Kralowetz-Affär an d'Rampenlicht getrueden ass. Well den 22. Januar 2002 war et, wéi an de Büroe vun der Transportfirma United Cargo Lux, déi dem Kralowetz gehéiert huet, perquisitionnéiert gouf. Dem Här Kralowetz ass notamment reprochéiert ginn, seng meeschtens osteuropäesch Chauffeuren op de Kilometer an net op d'Stonn bezuelt ze hunn an Dokumenter an d'Fuerscheiwe manipuléiert a gefälscht ze hunn.

Froen iwwer Froen hu sech gestallt, virun allem wéi esou eng Firma déi néideg Autorisatioune konnt kréie fir jorelaang esou ze schaffen, ouni dass eng Administratioun Mesuren dogéint geholl huet.

A mäi Virvirgänger hei huet jo awer och ganz kloer gesot, et konnt een et an den Zeitunge liesen: Dat war keng kleng Affär. Dat war eng Affär mat europäeschen Dimensiounen. Dat huet jiddferee gesinn, deen d'lescht Joer am Januar, Februar déi Dosende vu Camionen a Chauffeuren um Centre douanier um Houwald gesinn huet. Si sinn net zu Wien an zu Graz gesi ginn. Si sinn hei um Centre douanier gesi ginn. Déi Leit, vun deenen der vill leider bis haut nach keng Entschiedegung kruten, hate sech net besser ze hëllefe gewosst wéi dem Patron seng Maschinnen a seng Lastween zréck op Lëtzebuerg ze bréngen, do wou se ugemellt waren.

Et louch op der Hand: Mir hu missen als Chamber d'Ursaachen erausfannen, firwat dass et eng Affär Kralowetz konnt ginn. Virun allem, fir dass weider esou Affäre sollte verhënnert ginn, well et däerf ee jo awer net vergiessen, dass déi Camionen am Centre douanier, an alles dat wat ronderëm geschitt ass, den Image vu Lëtzebuerg ganz staark dobausse lädéiert hunn.

Ech hoffe jo net, dass de Minister a sengen Diversificatiounsefforten, déi e gemaach huet - ech schwätze vum Här Goebbels -, och nach déi Entreprisen do mat erabruecht huet, datt en déi op Lëtzebuerg bruecht huet, an och Bréifkëschtefirmaen, wéi och ëmmer, well op déi Manéier muss een natierlech soen, dass et schwéier ass eist Land dobaussen ze verkafen an Entreprisen op Lëtzebuerg ze bréngen.

Fir d'éischt ass also d'Wirtschafts-, Energie- an Transportkommissioun zesumme komm an dräi Sëtzungen. Si hu gesinn datt se net wäit komm sinn an et huet missen eng Commission spéciale agesat ginn, an all déi déi heibannen oder dobausse virun allem behaapt hunn, mir hätten dach keng Commission d'enquête a keng Commission spéciale gebraucht, deene rappeléieren ech, datt déi Commission spéciale mat 52 Stëmme dofir a mat 7 Abstentiounen an d'Liewe geruff ginn ass.

Vun engem gewësse Moment un huet déi Kommissioun awer och constatéiert, datt se net viru komm ass an hiren Aarbechten. Dat eenzegt wat se awer fäerdeg bruecht huet, dat ass datt se gesot huet: „qu'il y a des indices suffisants laissant présumer des dysfonctionnements au sein du ministère des transports".

A komescherweis, och déi déi d'Commission d'enquête haut nach a Fro stellen, déi musse sech awer gesot loossen, dass eng Resolutioun komm ass, vun alle Membere vun der Kommissioun ënnerschriwwen, fir d'Commission d'enquête an d'Liewen ze ruffen.

Firwat hu mer déi Commission d'enquête? Net aus groussem Plëséier. An all déi Kolleegen, déi zesumme waren an där Kommissioun, déi wëssen dat. Et war kee Plëséier dat do. Mä well et ebe war, nodeem dass déi Commission spéciale eis den Optrag ginn huet fir an engem Rapport déi Irrégularitéiten ze analyséieren, déi constatéiert gi sinn am Domän vum Transport routier international.

An d'Ursaachen, firwat dass mer déi Commission d'enquête aberuff hunn, ware jo ganz kloer. De Procureur général d'Etat huet eis refuséiert den Dossier oder d'Kopie vun dem Dossier ze ginn, déi confisquéiert waren am Ministère, an ouni déi konnt ee jo souwisou net vill maachen. Wichteg Zeien hu refuséiert an der Commission spéciale auszesoen, a mir si jo dann och nach behënnert ginn duerch eng Rei vun Aussoen un eiser Aarbecht, notamment net nëmmen Aussoen, mä och de Prozess Morby. Et war ganz kloer, dass mer dunn eis Aarbechten hu misse suspendéieren an dass et dofir méi laang gedauert huet.

An ech muss soen, et war wichteg dass mer gewaart hunn an eis Aarbechte suspendéiert hunn, well hei hätte kënnen Interferenze kommen oder bestoe mat enger Enquête pénale oder mat engem Prozess deen en cours war.

Mir geet et haut nëmmen drëm, well alles gesot ginn ass am Rapport, fir meng Bewäertung, respektiv d'Bewäertung vu menger Fraktioun vun där Affär hei ze maachen an déi fir eis dach wichteg Konklusiounen dorauser ze zéien.

Meng éischt Félicitatiounen, déi ginn un de President vun der Kommissioun. Et war net einfach an ech fannen, dass en dat mat där néideger Rou an och mat där néideger Sérénitéit gemaach huet. Meng zweet Félicitatioune gi selbstverständlech un de Rapporteur. An de President vun der Fraktioun vun der CSV huet dat hei gewürdegt. Et war e ganz schwieregen Exercice. Et war besonnesch um Schluss e schwieregen Exercice fir einegermoossen op e gemeinsamen Nenner ze kommen a fir déi kontradiktoresch Elementer, déi mer haten, an déi géigendeeleg Interessen eigentlech vun de Memberen, fir déi zesummen an ee Rapport an a Konklusioune vun engem Rapport ze bréngen.

An ech muss och soen, fir meng Fraktioun, fir d'DP ass do kee Kouhandel entstanen. Jiddfereen huet seng Vuen a seng Meenunge versicht do eranzebréngen. Et gëtt menger Meenung no och kee wäissgewäsch. Eis Missioun war net einfach a mir vun der Demokratescher Partei haten et jo am Fong geholl am einfachsten. Mir ware jo net concernéiert.

Well et ass jo drëm gaangen, an d'Missioun war jo esou fixéiert, déi säit Enn vun den 80er Jore festgestallten Irrégularitéiten ze analyséieren. Ech ka soen, Här President: Villes ass un d'Dagesliicht komm, mä awer net alles. A firwat? Et gi Grënn firwat dass net alles un d'Dagesliicht komm ass.

Et sinn Zeie gewiescht déi refuséiert hu fir auszesoen. Et sinn Zeien, déi sech no esou laanger Zäit net méi u wichteg Detailer konnten erënneren. Et sinn Zeien, déi sech a géigendeelegen Aussoen - an der Commission spéciale esou, an der Commission d'enquête aneschters - verstréckt hunn. De Refus vum Parquet, eis déi saiséiert Dokumenter auszehändegen. An dann duerch déi unhänglech Affaire pénale ebe war et eis onméiglech, an ech - an déi Komeroden, déi Kolleegen, déi an der Kommissioun waren, déi wëssen dat - hunn ëmmer insistéiert, dass déi zwee Enquêteurë solle gehéiert ginn, well déi am meeschte woussten. Mä duerch déi unhänglech Affaire pénale war et eis awer net méiglech, déi Enquêteurë vun der Police judiciaire ze héieren. An da war et natierlech och deen anormalen Délai vun der Enquête pénale géint deen héije Fonctionnaire an dem Ministère des Transports.

Ech muss Iech soen, ech hunn nach eng Kéier, à tête reposée, dat Uerteel duerchgelies. D'Uerteel ass e wichtege Bestanddeel vum Rapport. Et ass annexéiert. An do sti gelunge Saachen dran. Wann ech soe gelungen, heescht dat fir verschidde Leit gelunge Saachen. Iwwregens muss ech soen, dass ech selten en Uerteel gelies hu wat esou gutt ass. Well fir op 80 Säiten esou treffend esou eng schwiereg Affär en droit et en fait ze resüméieren, an ee Jugement ze fällen, deen iwwregens och akzeptéiert gëtt vum Beschëllegten, dat ass eng Performance vun der Lëtzebuerger Justice. An deem Uerteel steet: «L'enquête comporte beaucoup de lacunes et fait apparaître de graves négligences», notamment wat d'Exploitatioun vun de saiséierte Piècen ubelaangt. Dat steet am Uerteel. Am Uerteel steet nach, während deem anormal laangen Délai fir d'Instructioun ze maachen, gëtt et «la mémoire défaillante de nombreux témoins et le décès de trois témoins importants». A wann een dann nach derbäi rechent, dass eng ganz Rei vu Faitë prescrivéiert waren, ech muss soen, da muss ee sech jo awer net onbedéngt rühme wann een nëmmen op véier Punkte condamnéiert ginn ass an op anere fräigesprach ginn ass.

Op jidde Fall ass dat Resultat fir mech en enorm wichtegt Resultat. Hei ass en héije Fonctionnaire vum Ministère des Transports, deen alles ze soen hat, awer wierklech alles, a mir hunn dat jo virdrun erëm confirméiert kritt, fir Corruption passive zu enger Prisongsstrof vun néng Méint mat Sursis an 2.500 Euro condamnéiert ginn, fir véier Fäll, déi sech situéieren an der Period vun 1989 bis 1991.

Elo froen ech meng Kolleegen heibannen: An der Assemblée nationale oder an der Belsch, wann do en héije Fonctionnaire esou condamnéiert gi wär an de Minister wär nach en exercice, misst deen net säin Hutt huelen? Hei ass en net en exercice, bien entendu, och well et esou laang no der Prozedur ass, mä nach ass awer hei een dee menger Meenung no misst, an esou engem Fall fir d'politesch Hygiène, seng Konsequenzen, wann en nach Minister wär, huelen. Ech kann och net dofir, mä dat ass esou fir eis alleguerten, net nëmme fir deen, et ass esou fir eis alleguerten.

Wat sinn elo d'Konklusiounen, déi ee kann aus där Affär do zéien. Mä et ass de Bewäis, dass effektiv Irrégularitéite geschitt sinn; dorobber brauch ech net méi zréckzekommen. Ech kann héchstens soen, quod erat demonstrandum. Dass hei deen héije Fonctionnaire am Ministère des Transport als eenzegen Transportlizenzen erausginn huet, dass et keng kloer Direktive gouf fir d'Attibutioun vun de Lizenzen, dass de Service Contrôle routier am Ministère seng Aarbecht net konnt korrekt duerchféieren, dass do Blocagë bestanen hunn an dass et Chasses gardées goufen, dat ass dobäi erauskomm.

Elo ass vill gerätselt ginn a vill geschwat ginn, och an der Kommissioun, iwwert deen ominösen Organigramm. Ech muss Iech soen, ech sinn der Meenung datt net all Minister an net all Ministère en Organigramm brauch. Wa säi Ministère gutt fonctionnéiert, an ob deem säin Organigramm elo am Tëlefonsbuch steet, oder ob en an enger Note steet, déi un déi verschidde Fonctionnairë geschéckt gëtt, muss ech soen, dat ass mir egal. An dëser Affär, entweder huet den Organigramm bestanen an dann ass e jo selbstverständlech net ausgefouert ginn, et ass sech net un deen Organigramm gehale ginn, oder et huet keen Organigramm bestanen. Jo dann huet deen héije Fonctionnaire no sengen eegene subjektive Kritären et à la tête du client déi Lizenzen do verdeelt. A béide Fäll, mat Organigramm oder ouni Organigramm, muss ech soen, ass dat eng Situation intenable, an ech sinn der Meenung, dass och de Minister muss op d'mannst heiansdo an dee Service goen a kucke wat do lass ass, oder op d'mannst sech renseignéiere wat do lass ass.

Ech muss natierlech och dann op dee Punkt komme vun de Plainten. Den Här Weiler huet dat hei in extenso gemaach. En huet vun deem Bréif geschwat vun dem Lieutenant-colonel Diederich, ech brauch net méi dorobber zréckzekommen. Ech muss Iech nëmme soen, an dem Uerteel, am Exposé des motifs, do steet notamment iwwert d'Affär Société Frigolux, do huet d'Gendarmerie vu Beetebuerg 30 Rapporten iwwer Infractiounen eraginn. Ouni Suite. Dat steet am Uerteel. Ech verstinn, dass e Minister eng Nischepolitik entdeckt huet, notamment den Här Goebbels, déi mat den Transporter. Mä wann een awer dann esou eng Nischepolitik mécht, se entdeckt a se wëllt duerchzéien, da mengen ech misst ee jo awer och emol no engem oder no zwee Joer sech renseignéieren, wat dann an deem Secteur geschitt. Wéi développéiert dee Secteur sech? Bréngt deen eppes fir Lëtzebuerg? Bréngt deen eppes um steierleche Plang? Hu mer Problemer mat der Sécurité sociale? Ech soen dëser Chamber,

dass d'Nischepolitik vum Här Goebbels net nëmmen d'Transportpolitik war, mä de Pavillon maritime. Mir hu jo eng enorm Chance, dass bis elo nach kee Schëff mat eisem Pavillon iergendwou gestrandet ass an dass…

***(Interruption)***

Jo, mir hunn eng effektiv Chance, dass dat bis elo nach net geschitt ass.

Mä dat war och eng Nischepolitik. Ech soe jo net a priori si wär schlecht, mä awer op d'mannst misst ee kucke wat fir Geforen dat a sech biergt an et muss ee sech op d'mannst awer och doriwwer emol renseignéieren. A wann ech déi Plaintë kucken, déi gemaach si ginn, do steet am Uerteel: «S'il s'est révélé au cours de l'instruction à l'audience que l'organisation interne laissait à désirer, au niveau du suivi des infractions constatées». Voilà, dat ass also wat do an deem Uerteel steet a wat jo och elo vu kengem méi contestéiert gëtt.

Dann ass eppes, Här President, wat mer ganz besonnesch opgefall ass an dem Uerteel: Et ass jo vu menger Virgängerin an och vum Här Goebbels gesot ginn, si hätte keng Zäit gehat. Den Här Goebbels huet Politik gemaach, en hätt sech net ëm d'Vergab vun de Lizenze gekëmmert, dat wär ausschliesslech den Här Morby gewiescht. Op der Säit 37 vum Uerteel steet Folgendes: «Ainsi il résulte des documents saisis» - dat waren also d'Dokumenter déi mir net konnte kréien - «auprès du Ministère des Transports qu'en octobre 1990, le Ministre des Transports» - et steet net do le Ministère, et war also net en aneren deen ënnerschriwwen hat - «avait demandé à la Chambre de Commerce d'émettre un avis sur les critères d'attribution des autorisations,» - Kuck elei! - «devant permettre une répartition plus équitable.»

Also wousst e jo, dass do e Problem war, soss hätt e sech jo net mat engem Bréif un d'Chambre de Commerce gewannt. Dovunner ass ni geschwat ginn. „Dans sa réponse, la Chambre de Commerce préconisait l'instauration d'une commission consultative permettant d'apporter la sensibilité des entreprises dans les réflexions qui permettront l'attribution ou le refus des autorisations." Do huet de Minister dat Noutwendegt gemaach. D'Chambre de Commerce äntwert, a wat steet op der Säit vun deem Bréif vun der Chambre de Commerce? Do steet „non". Dat heescht, dat soll dann net gemaach ginn. Et steet „non" do an: „lors des débats à l'audience, Jean - Morby a catégoriquement nié être l'auteur de cette inscription manuscrite". Wie konnt et also aneschtes si wéi de Minister selwer. An da muss ech also soen, dass en also eng parfaite connaissance hat vun deem wat sech do ofgespillt huet an e ka sech net hannert der Ausso verstoppen, en hätt nëmmen einfach Politik gemaach.

Da komme mer un déi berühmten Enquête administrative. Dat einfachst ass natierlech, fir sech dohannert ze verstoppen. 1991 ass et och eng Enquête administrative ginn, déi awer vun enger anerer Envergure war. Mä hei muss ech Iech soen, wann ech déi Enquête administrative liesen, do heescht et jo schonn emol direkt vun Ufank un an der Missioun: „Les accusations en question", seet den Enquêteur, „ne peuvent dépasser le cadre de l'administration gouvernementale elle-même, faute d'habilitation supplémentaire". Dat heescht, seng Missioun war staark limitéiert a si war limitéiert op d'Publikatioun vun engem Artikel am Lëtzebuerger Journal. A vu dass d'Artikelen, wéinegstens deemools, am Lëtzebuerger Journal, besonnesch wa se vun der Oppositiounspress komm sinn, net seriö geholl si ginn, ass déi Enquête administrative och deemno ausgefall. Ech muss soen, deen Enquêteur hei war eppes wéi de „Weisser Riese".

***(Interruption)***

„Weisser geht's nicht". A wann ech dann zum Beispill nëmmen ee Fonctionnaire, ech wëll elo den Numm net nennen,…

***(Interruption)***

…eraushuelen, „Monsieur X confirme les déclarations de Monsieur Y, pour le surplus il n'a pas connaissance d'irrégularités de service", dat heescht also, dee Mann, dee vun näischt eppes wousst, deen do gehéiert ginn ass, do seet awer den Témoin Kohnen, dat ass deen, dee gehéiert ginn ass um Geriicht, „relate" - dat ass Säit 21 am Uerteel - „que Monsieur X lui aurait confié en 1990 ou 1991 avoir vu sur le bureau un chèque émis au profit du Volley-ball Club Mamer. De même, le fonctionnaire" - den Här M. - „aurait reçu des cadeaux démesurés de fin d'année". Dat steet am Uerteel. Mä dee Fonctionnaire huet awer an der Enquête hei verzielt, e wéisst vun näischt. Bei der Police judiciaire seet en eppes aneschtes.

Ech muss soen, mat allem Respekt vis-à-vis vun engem héije Fonctionnaire, mä dee war limitéiert a senger Funktioun, well en huet haaptsächlech dat a seng Enquête geschriwwe wat d'Leit him gesot hunn oder geschriwwen hunn. Iwwregens steet do dran, dass als Reaktioun dorobber den héije Fonctionnaire eng Plainte gemaach hätt mat sengem Affekot mat Constitution de partie civile. Ech froen: Wou ass déi haut drun? Déi ass prescrivéiere gelooss ginn. Op jidde Fall ass déi Plainte ni um Geriicht virkomm, et pour cause.

An da muss ech soen, wann ee gelies huet wat am Uerteel steet a wat mir an eisem Rapport erausfonnt hunn, da kann ech wierklech nëmmen de Kapp rëselen, wann ech liesen an där Enquête administrative: „Il résulte de la présente enquête administrative qu'il ne peut être reproché à Monsieur Morby aucun manquement à ses devoirs de fonctionnaire". Dat ass jo am September 1991 gewiescht. „Il est apparu aussi que la direction du service des transports routiers s'acquitte de sa tâche complexe avec compétence et consciencieusement. Enfin, le soussigné est d'avis que l'institution de la présente enquête administrative a constitué le moyen propre à confirmer la dignité morale et professionnelle" vun engem, dee spéider zu néng Méint Prisong veruerteelt ginn ass. Also ech muss soen, bei där Enquête, wann ech Minister gewiescht wär, do hätt ech mer awer emol wierklech Froe gestallt.

Da kommen ech zu de politesche Konklusiounen.

Et ass virdrun hei vu mengem Virgänger, vum President vun der Fraktioun vun der CSV, gesot ginn, d'Clignotantë wieren ugaangen. Et war jo net nëmmen den Artikel am Journal. Et waren och Artikelen an aneren Zeitungen. Et waren d'Reaktiounen an d'Communiquéë vun de Syndikater. Et war no der Enquête administrative vun 1991, de 25. Abrëll 1994, eng Perquisitioun am Ministère des Transports. Mä, Dir Dammen an Dir Hären, eng Perquisitioun ass en Acte d'une extrême gravité. Do ass alles mat fortgeholl gi wat am Büro war. An dat ass haut nach net erëm ginn. Dat ass haut nach ëmmer vun der Justiz confisquéiert oder saiséiert. Dat ass en Acte extrêmement grave. Et kann een dach net soen, 1991 war eng Enquête, déi en héije Fonctionnaire wäiss gewäsch huet an elo op eemol kënnt eng Perquisitioun an dat ass näischt. An op déi Perquisitioun hi koumen erëm Zeitungsartikelen. An no der Perquisitioun a während der Perquisitioun a virdrun ass jo d'Action publique déclenchéiert ginn. D'Police judiciaire ass jo an de Ministère komm. Den héije Fonctionnaire ass während Stonne bei der Police judiciaire verhéiert ginn. En huet sech jo also misse Congé huele fir dohinner ze goen. En ass x-mol beim Juge d'instructioun verhéiert ginn. Mä fält dat da kengem Minister op? Ech stellen Iech emol déi Fro.

Wéi ass et eis da gaange virun e puer Woche mat engem héije Fonctionnaire hei an der Chamber? Wéi schnell wousste mir da wat geschitt wär a wéi schnell hu mer reagéiert? Och nach wéi en aus der Détention préventive eraus komm ass. Da muss ee sech dach awer op d'mannst d'Fro stellen: Wat ass geschitt? An dës Chamber huet dat gemaach. An ech défiére quiconque a besonnesch déi Kolleegen, déi hei sinn, déi an enger Gemeng sinn. Wann an engem Service en Direkter oder e Chef de service accuséiert gëtt an et gëtt a sengem Büro enquêtéiert an d'Plangen an d'Piècen an alles wat der Gemeng gehéiert, gëtt do mat fort geholl, ma da géing ech Iech emol gäre gesi wat Der dem Buergermeeschter an dem zoustännege Schäffen alles ënnerstellt, wat deen do alles misst maachen an net gemaach huet an ënnerlooss huet. Dat ass dach evident. Et kann dach net sinn, dass, wann ee gesäit, dass esou eng schwerwiegend Affär leeft, - ech maache kengem e Reproche datt en dee Fonctionnaire soll mutéieren, dat kann en net; esou domm sinn ech jo och net fir dat ze behaapten, wann der hei vläicht wären, déi dat géinge mengen, Här Asselborn -,…

***(Hilarité)***

Bei Iech weess een et ni!

Dat wat ech just wëll soen, dat ass, wann esou grave Prozedure lafen, dann ass et dach um Minister fir awer op d'mannst sech ze informéieren, nozekucken an deem Ministère: Mä wat ass da wierklech lass? Kann dat dann elo esou virugoen? E kann dee Fonctionnaire net sanktionéieren, e kann en net mutéieren. E kann näischt maachen. D'Présomption d'innocence, an ech als Affekot soen lech, dass ech ganz staark dofir sinn, an de Secret d'instruction, mir wësse jo awer alleguerte wéi et mam Secret d'instruction ass. Mä, dat ass dee Reproche, deen ech hei maachen. Dat ass fir mech d'Responsabilitéit vum Minister, wann ech gewarnt sinn, wann d'rout Luucht ugeet, da bleiwen ech net op der rouder Wollek hänken, sondern da ginn ech emol eng Kéier kucken an dee Ministère an ech renseignéiere mech. Ech loosse mer e puer Fonctionnairë kommen an da froen ech: Wat ass do geschitt? Ech schwätze vum Joer 1994, well et war jo do wou et akut war. Et war do wou d'Perquisitioun gemaach ginn ass; et war och do wou d'Action publique déclenchéiert ginn ass, an et war och do wou den héije Fonctionnaire huet misse bei de Procureur goen oder vill méi bei d'PJ a wou en huet misse bei de Juge d'instruction goen.

Also, dat ass dee Reproche, deen ech dem Minister an deenen zoustännege Ministere maachen an ech kommen do net ëmhin. Ech sinn net deejéinegen an och net meng Fraktioun, déi hei elo ex post géinge froen, dass dee Minister misst e Blâme kréien oder wéi och ëmmer. Mir sinn der Meenung, dat brëngt et och net. Mä mir sinn awer der Meenung, dass déi Ministeren, déi dunn zoustänneg waren, responsabel sinn an ech sinn esouguer der Meenung, ech gi méi wäit, an dat ass vläicht e Rot un d'sozialistesch Fraktioun: Et kann dach net sinn, géift Der nach eng Kéier an d'Regierung kommen, dass déi zwee Leit, déi do konzernéiert sinn, compte tenu vun där immenser Désorganisatioun, déi an deem Ministère war, datt déi nach eng Kéier kënnte Minister ginn. Ech iwwerloossen Iech dat, mä dat ass meng perséinlech an éierlech Iwwerzeegung. Ech weess, dass Der net vill Leit hutt, déi dat kënnten ausüben, mä trotz allem…

***(Interruption)***

Dir hutt jo och gesinn, ech sinn net derbäi.

***(Hilarité)***

Dofir géing ech Iech dee gudde Rot ginn: Déi Leit sinn a mengen Aen net méi tragbar, aus politesche Grënn. Ech maachen hinne soss guer kee Virworf. Wann ee Politik mécht, da muss ee fir dat wat ee gemaach huet, an d'Madame Delvaux huet dat jo hei ganz kloer a ganz fein ausgedréckt, ech muss dat éierlech soen, wann een dat agesteet, ech mengen, da muss een och déi politesch Konsequenzen huelen, a wann een se elo net kann huelen, da soll een se huelen, wann et esou wäit ass.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn déi Konklusiounen, déi ech aus der Affär zéien. Ech kënnt elo nach op déi immens laang Dauer vun der Procédure pénale agoen; dat huet mäi Virriedner och gemaach. Ech muss allerdéngs soen, ech sinn iwwerrascht, dass déi Kommissioun soll muer de Moien oder muer de Mëtten um hallwer eng zesummekommen. Ech hat proposéiert, ech géif gären do derbäi sinn. Ech hu muer de Mëtten um hallwer eng keng Zäit. Ech mengen, et misst een déi awer en aneren Datum maachen. Dir kënnt se och maachen, mä wann se net dat bréngt oder ech net déi Fro ka stellen, déi ech wëll stellen, da musst Dir se awer iergendwéi nach eng Kéier aruffen. Op jidde Fall ass et net normal.

Well wat huet déi Affär vun deem héije Fonctionnaire, déi Affaire pénale erëm déclenchéiert? Mä d'Affär Kralowetz. Wann d'Affär Kralowetz net komm wär, mengen ech, da wär déi wahrscheinlech prescrivéiere gelooss ginn. Da wär déi Affär guer net komm.

Une voix.- Déi um Geriicht?

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Jo, ech mengen déi um Geriicht. An do attackéieren ech kee Geriicht. Well Dir wësst jo wien d'Opportunité des poursuites huet. Dat ass net de Minister, dat ass net d'Geriicht, dat ass de Parquet. Ech attackéieren deen och net. Ech soe meng Meenung.

D'Affär Kralowetz huet d'Affär vum héije Fonctionnaire erëm eng Kéier déclenchéiert, an dat war am Fong geholl d'Ursaach, firwat dass d'Kommissioun op dee Wee do gaangen ass, datt se gesot huet: Mir hätten elo gären Opklärung. Ech sinn iwwerzeegt, datt et vläicht eng gutt Ursaach gëtt. Ech behaapte jo elo net de Contraire. Et kann eng gutt Ursaach ginn. An dofir hu mer et och gemaach a mir kucken och, wat dobäi erauskënnt. An ech mengen, mir missten esou transparent sinn, dass mer dat dem Public dobaussen och soen.

Dann nach e kuerzt Wuert iwwert déi héich Fonctionnairen. Do hu mer laang driwwer diskutéiert. Ech sinn net ganz averstane mat deem wat do gesot ginn ass. Déi eng, - notamment déi Gréng, wollten do méi wäit goen. Ech mengen, mat de sozialistesche Kolleege waren se sech do eens. Ech gesi Schwieregkeete fir dee Problem en fait ze léisen, ech mengen dee mat dem Ersetze vun den héije politesche Fonctionnairen an de Ministèren. Doriwwer loosse mer awer diskutéieren, well et ass e reelle Problem.

Ech wëll nëmme soen, dass mir als Demokratesch Partei zwou Mesurë geholl hunn. Vläicht hu mir fir déi aner an der Affär Kralowetz schonn d'Konsequenze gezunn. Fir déi aner, net fir eis, ebe well mer de Statut vum Fonctionnaire erabruecht hunn an do en anert Disziplinarverfahren, Disziplinarrecht fir d'Fonctionnairen oder géint d'Fonctionnairen abruecht hunn.

An deem zweete Gesetz, wat mer elo am Hierscht votéiere wäerten, dat iwwert d'Kompetenz, do soll dann d'Durée, den Délai vun deenen héije Fonctionnairen op siwe Joer beschränkt ginn.

Dat si schonn zwou wichteg Mesuren, déi mer aus där Affär, souzesoen d'Lektioun, déi mer aus där Affär hei gezunn hunn.

***(Interruption)***

De Projet de loi läit vir a wann Dir an der zoustänneger Kommissioun sidd, do wäert deen am Hierscht diskutéiert ginn.

***(Interruption)***

Jo, Är Fraktioun huet en, an ech ka mer esouguer virstellen, datt se domat d'accord ass.

***(Interruption)***

Neen? Dat ass awer schued. Dat wär awer schonn eng gutt Konsequenz, déi Der aus dëser Affär kéint zéien. Quoi qu'il en soit!

Här President, mir ware chargéiert fir ze kucke wat geschitt ass tëschent 1988 an 1999. Bis elo huet nach kee vu menge Virriedner eppes gesot vun dem aktuelle Minister. Deen ass iwwregens hei an deen ass staark a grouss genuch, fir sech selwer ze vertrieden an ze verteidegen, wann eppes géing un hie kommen. Dat ass net meng Missioun.

Ech kann nëmme fir meng Fraktioun soen, dass, nodeem ech den Här Grethen an der Kommissioun gehéiert hunn, hien deejéinege war, deen deen Augiasstall do gemëscht huet. Dat ass him héich unzerechnen. Egal, et kann ee souwisou net an annerhallwem Joer, esou laang war den Här Morby jo nach do, wou hie profitéiert huet vum Congé, Congé politique, Congé hei a Congé do, vill maachen an och net méi vill zu Onwee maachen, muss ech soen, an et kann een net an annerhallwem Joer dat erëm an d'Rei bréngen, wat virdrun a 15 Joer falsch gelaf ass.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir meng Fraktioun hunn ech elo hei déi Konklusioune gezunn, déi ech mengen, heiraus zéien ze missen. A wann déi Leit, déi concernéiert sinn, sech dee gudde Rot wëllen unhéieren, sinn ech der Meenung, datt se dat och solle maache wat mir hinnen undroen. Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rippinger. Den nächste Riedner ass den Här Gibéryen. Dir hutt d'Wuert, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, no laangen Aarbechte komme mer haut zu den Ofschlossdiskussioune vun der Enquêtëkommissioun. Eng Affär, déi am Fong zréckgeet op den 22. Januar 2002, wou Perquisitioune bei enger internationaler Transportgesellschaft, fir déi dem Här Kralowetz seng Camione gefuer sinn, gemaach gi sinn.

Duerno si verschiddentlech Stellungnahme vu Ministeren hei an der Chamber an op Pressekonferenze komm. De 26. Februar 2002 décidéiert d'Chamber d'Asetze vun enger Spezialkommissioun mat der Missioun «d'examiner les règles et la pratique du système d'attribution et de retrait d'autorisations et de licences de transport et plus particulièrement les conditions d'obtention et les critères d'octroi de telles licences depuis la fin des années '80».

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Mir haten als ADR direkt de 26. - Februar proposéiert, Här President, fir datt ee sollt eng Enquêtëkommissioun asetzen. Mir hunn och deementspriechend eng Resolutioun hei erabruecht, déi awer leider zu deem Zäitpunkt nëmme siwe Jo-Stëmme krut, déi vun deene siwen ADR-Deputéierten, eng Enthalung vun de Kolleege vun de Lénken a 50 Nee-Stëmmen, deemools vun der CSV, DP, LSAP an DÉI GRÉNG. Dräi Méint méi spéit, de 16. Mee 2002, décidéiert

d'Chamber dunn eng Enquêtëkommissioun anzesetzen, well d'Spezialkommissioun net méi mat hiren Aarbechte virukomm ass, a méi spezifesch, well de Procureur général d'Etat refuséiert huet der Chamber eng Kopie vun deem beim Transportministère perquisitionnéierte Material zouzestellen. Doropshin huet d'Chamber dunn eestëmmeg dës Enquêtëkommissioun agesat, déi zesumme mat der Spezialkommissioun 33-mol getagt huet.

Här President, meng Virriedner hu sech mat de Kritäre wéi d'Lizenze vergi si ginn a mat der interner Organisatioun vum Transportministère am Detail beschäftegt a koumen zur Konklusioun, déi och d'Kommissioun festgehalen huet, et hätte keng kloer Richtlinne bestanen an den Här Morby hätt quasi all Vollmachten an deem Ministère ausgeübt an esou weider.

Well eis Zäit limitéiert ass a well et kee Wäert huet fir eis ëmmer erëm hei ze widderhuelen, wëll ech mech mat engem Aspekt ophalen, deen an dësem Zesummenhang bis elo nach net esou beliicht ginn ass. D'Fro ass nämlech berechtegt, wann dat wat bis elo vu menge Virriedner hei virgedroe ginn ass wierklech alles wier, wat am Transportministère geschitt ass, firwat dann iwwer zéng Joer enquêtéiert ginn ass a firwat d'Enquêteuren um Geriicht dann esou vill Belaaschtendes konnte virdroen.

A wann ech virdrun d'Madame Delvaux gehéiert hunn, déi an engem ganz doucen Toun, fir et emol esou auszedrécken, hei versicht huet esouwuel déi verschidde sozialistesch Ministeren, wéi den Här Morby, an e Bild quasi vun Onschold ze setzen, da muss ech mer awer d'Fro stellen: Firwat hunn dann d'Enquêteurë verschidde Saachen erausfonnt?

Ech zielen e puer vun deene Fäll op. Zum Beispill huet den Här Morby mat senger Famill op Invitatioun vum Spediteur Johann Berger 1991 am Hotel Hirlanda am Arlberg eng Vakanz verbruecht an d'Rechnung vun 192.000 Lëtzebuerger Frang huet de Spediteur bezuelt. E Scheck an der Héicht vu 15.000 DM vum Spediteur Franz Hütter ass am Dezember 1991 um Konto vun dem Här Morby senger Mamm a Spuenien gelant a kuerz duerno si vun dësem Betrag 250.000 Lëtzebuerger Frang op säi Konto hei iwwerwise ginn.

Eng Millioun Lëtzebuerger Frang sinn tëschent 1989 an 1992 als Sponsoring vun Transmontana a Klausner un de Volleyball Club Mamer gaangen. Zwou Vakanze vum Här Morby am Nobelhotel „Zum Stanglwirt" sinn 1989 fir 164.000 Lëtzebuerger Frang an 1990 fir 147.000 Lëtzebuerger Frang mat der Kreditkaart vum Frächter Klausner bezuelt ginn. Och dës Firma huet Lizenze vu Lëtzebuerg kritt. Um Privatkonto vum Här Morby si weider Spenden an Héicht vun 150.000 Frang vun engem anere Spediteur gelant.

D'Bréifkëschtefirma Botrans, déi 1990 vun der franséischer Douane wéinst Haschischtransport geholl ginn ass, huet de Volleyball Club mat 80.000 Frang de Mount gesponsert. Dës Gelder an déi vun anere Spediteuren an LKW-Firme soll den Här Morby an eege Regie op engem schwaarze Veräinskonto verwalt hunn. Dës an eng ganz Rei vu weideren Uschëllegunge si géint den Här Morby erhuewe ginn. Fir verschidde vun dësen ass hie verklot ginn, anerer hu missen acquittéiert gi wéinst Verjährung. Ech kommen dorobber nach ze schwätzen.

Wann een dës Uschëllegungen an d'Uerteel kuckt, kann een dann, Här President, der Chamber hei e Rapport virleeën an als Konklusioun vum Fonctionnement am Transportministère vun engem Manktem un Transparenz, vun enger Position dominante vun engem Fonctionnaire an nach e puer Bagatellen als Recommandatioun schwätzen?

Dat hei war net méi an net manner wéi Korruptioun vun engem héije Fonctionnaire am Ministère des Transports, an eiser Meenung no hätt dat och missen deementspriechend am Rapport festgehale ginn.

Genau esou e weidere Kuriosum wat de Garage Ferro ubelaangt, ee vun deene wichtegen Zeien an deem sengem Agenda schéi propper d'Bezuelungen un den Här Morby opgeschriwwe waren am Zesummenhank mat der Verdeelung vun de Lizenzen. Dësen Här huet am Detail ausgesot an den Här Morby schwéier belaascht. Wéi spéider d'Enquêteuren den Här Morby an den Här Ferro an der Garage zesummen ertappt hunn, huet de Garagist op eemol alles ofgestridden, wat hien zu Protokoll ginn an ënnerschriwwen hat. Um Geriicht huet hien dunn net brauchen ënner Eed auszesoen, fir sech net selwer ze belaaschten, an an der Enquêtëkommissioun huet hie mam selwechten Argument refuséiert ënner Eed auszesoen.

D'Enquêtëkommissioun koum doropshin zu der weltëmwerfender Konklusioun: „La Commission d'enquête ne peut que regretter cette attitude de Monsieur Emile Ferro consistant à se réfugier derrière un stratagème de procédure pénale, attitude dont il ne s'est pas départi devant la Commission d'enquête". Esou einfach ass et am Fong am Prinzip, wat juristesch - sécherlech richteg ass, dass, wann ee sech selwer belaascht, een net brauch auszesoen. Mä wann ee schonn net brauch auszesoen, well ee sech doduerch selwer géif belaaschten, hätt dann net misse géint den Här Ferro eng Enquête vum Parquet ulafen, an ass d'Tatsaach, dass e refuséiert fir auszesoen, well e sech doduerch selwer belaascht, net eleng schonns Bewäis genuch, dass hei eppes net konform zum Gesetz geschitt ass?

Mä wéi gesot, esouwuel eis Justiz wéi d'Enquêtëkommissioun ware séier befriddegt. Och d'Relatiounen tëschent deenen eenzelne Ministèren, a meng Virriedner hunn dat schonn zum Deel gesot, hu sécherlech net am Verlaf vun deene Prozeduren esou fonctionnéiert wéi dat hätt misse sinn, esouwuel tëschent dem Ministère du Travail, dem Ministère vun de Classes moyennes, dem Ministère des Transports wéi tëschent dem Ministère du Travail, dem Ministère des Transports an dem Parquet, wou vill Dokumenter hin an hier gaange sinn a gréisstendeels ouni Suite bliwwe sinn.

De Kolleeg Rippinger huet virdrun hei d'Roll vum Conseiller politique ugeschwat. Mir waren eis an der Kommissioun driwwer eens ginn, datt dat kann ënner Ëmstänn e Problem sinn, mä mir sinn eis net eens ginn iwwert d'Konklusiounen, déi een doraus zitt. Et ass fir eis kloer, datt e Minister e perséinleche Beroder brauch an sech och muss kënnen uneegnen. E muss net aus senger Partei sinn, mä e kann och aus senger Partei sinn a ganz dacks ass dat jo och de Fall. De Risiko, deen dobäi besteet, datt ass wann deen héije Fonctionnaire politesche Beroder vum Minister ass a gläichzäiteg Chef vun der Administratioun, an domadder kënnt dann déi politesch Verfilzung, déi mer jo och deemools an der Affär vun der Santé konnte feststellen, wou am Fong de politesche Conseiller och de Chef vun der Verwaltung war an doduerch konnt, wéi mer deemools gesot hunn, déi sozialistesch Seilschaften duerch eng Struktur opbauen, fir eben zu deenen Dysfonctionnementer ze féieren, wouzou dat schlussendlech deemools gefouert huet.

Hei hu mer eng ähnlech Situatioun. Mir hunn e politesche Fonctionnaire, deen enger Partei net nëmmen nosteet, mä aktiv an där Partei ass an dee Chef vun der Administratioun ass an domadder déi Trennung net do ass. Mir sinn der Meenung, datt ee misst higoen an de politesche Fonctionnaire un de Minister an u säi Mandat bannen, datt also deem säi Mandat, wann de Minister net méi a Funktioun ass, och muss ophalen. Wann dee Minister duerno e wëllt huelen, hëlt en e selbstverständlech. Wann dat net de Fall ass? Dat ass eng Problematik, wou mer gesot hunn: Wat maache mer da mat deene Leit? Wéi kréie mer déi an d'Fonction publique oder soss reklasséiert? Leit aus dem Privatsecteur komme sécherlech net séier da fir véier, fënnef Joer bei de Stat an hu spéiderhin dann de Risiko, datt se eventuell keng Aarbecht méi hätten.

Mä och do ass e System, deen am Ausland a ville Länner besteet an iwwerall si Léisunge fonnt ginn an et wäert och hei am Land eng Léisung fonnt ginn, fir deene Leit da kënnen eng Plaz ze verschafen, wann hire politesche Frënd a Minister net méi a Funktioun ass.

Eent vun de schwaarze Kapitelen awer an deem ganzen Dossier hei ass sécherlech d'Vitesse vun der juristescher Instruktioun. D'Affär ass am Fong op deem Niveau ugaangen den 1. September 1991, wéi d'Gendarmerie vu Beetebuerg Protokoller geschriwwen huet. Zwee Joer méi spéit, de 16. Juni 1993 huet de Parquet d'Instruktioun opgemaach an de 15. Oktober 1999, also sechs Joer méi spéit, ass den Dossier vum Juge d'instruction clôturéiert ginn.

Den 30. Mee 2000 huet d'Chambre de Conseil dunn en Non-lieu geschwat an am Juni 2000 huet de Procureur d'Etat en Appel géint deen Non-lieu geschwat. An den 21. Februar 2002 ass dunn an zweeter Instanz décidéiert ginn d'Affär trotzdeem op d'Geriichter ze ginn.

Wat ee muss wëssen, an den Här Rippinger huet et virdrun ugeschwat, datt an der Zwëschenzäit d'Kralowetz-Affär héichgespillt ginn ass an datt mir hei an der Chamber och an der Zwëschenzäit, déi eng iwwer eng Enquêtëkommissioun, déi aner iwwer eng Commission Transports diskutéiert hunn, an datt déi zwou Ursaachen, engersäits datt hei um politesche Plang iwwer eng Enquêtëkommissioun geschwat ginn ass, op där anerer Säit, datt eben d'Kralowetz-Affär héich geflunn ass, eiser Meenung no méi wéi sécher dozou gefouert hunn, datt an zweeter Instanz décidéiert ginn ass d'Affär awer op d'Geriichter ze huelen. Wann dat net de Fall gewiescht wär, da si mer dovun iwwerzeegt, datt déi Affär leie bliwwe wier, datt se verjährt wier an datt se klasséiert gi wier.

D'Kommissioun huet an hirem Rapport och dofir festgehalen a si huet vun der Lenteur de l'instruction geschwat, dem Prinzip vun dem Délai raisonnable, deen net respektéiert ginn ass an datt et en Délai anormalement long gewiescht wier. An d'Commission juridique ass dann elo domat beoptraagt gi mam Procureur d'Etat driwwer ze diskutéieren, firwat datt déi Affär esou laang an der Instruktioun war.

Hei kann ee sech natierlech eng Rei vun Ursaache virstellen. Wann een éischtens emol higeet an et hëlt een d'Uerteel, wou awer méi Veruerteelunge komm sinn a véier Fäll, an an deenen anere Fäll net veruerteelt konnt ginn, well et prescrivéiert war, da muss ee sech d'Fro stellen, firwat datt Leit do wollten déi Affär klasséieren, wou awer kloer Faiten am Dossier waren, déi herno och zu Veruerteelunge gefouert hunn.

Et ass net un eis fir elo hei Scholdzouweisungen ze maachen, weder un d'Justiz nach un de Parquet. Mä mir musse feststellen, datt dat heiten iwwer néng Joer quasi an der Instruktioun war. Ob elo net genuch Leit do sinn? Ob déi Leit net dat néidegt Material, Infrastrukturen hunn? Well wa mer d'Rappore kucken, déi de Ministère vun der Justiz all Joers eis gëtt a mir kucken do wat vun där Säit vun dem Parquet, vum Geriicht doranner geschriwwe gëtt, wéi si musse schaffen, datt se mussen op d'Prioritéite schaffen, datt wichteg Saachen einfach net kënne geholl ginn, well si net Leit genuch hunn, kann dat eng Ursaach sinn. Oder datt d'Leit sech natierlech och virstellen: Kënnen dat politesch Verfilzunge sinn? Firwat gëtt bei engem héije Fonctionnaire net esou séier enquêtéiert wéi dat bei anere Leit de Fall ass? Et muss een ëmmer wëssen, datt den Här Morby Member vun der LSAP ass, dat hien e gemengepolitescht Mandat huet an datt en zu deem Zäitpunkt och de Schwoer vun engem sozialistesche Minister war.

Ähnlech Affäre sinn hei zu Lëtzebuerg ni zu engem definitive Resultat gefouert ginn. Mir denken do un de Bommeleeër, un d'Affär Bauerenzentral, déi am Schlusseffekt klasséiert ginn ass. Ech denken un e Polizeikommissär, deen eng Kéier an de Prisong gesat ginn ass, an duerno ganz séier avancéiert ass. Firwat dat alles esou war, dat froen ech mech.

Mir wëssen awer och, datt Saache séier gaange sinn. Ech denken do zum Beispill un d'Affär vum Här Wolter vis-à-vis vum Journal, wat am Fong eng Bagatell vis-à-vis vun dëse Saache war, déi awer ganz séier gaangen ass, wou Perquisitioune gemaach gi sinn, wou Télefonen ofgelauschtert gi sinn, mat all deene Konsequenzen.

Ech denken och zum Beispill drun, an do stelle vill Leit am Land sech d'Fro: Wéi ass et méiglech, datt esou eng Affär esou laang dauert, a wann en normale Bierger iergendwéi eng Kleng fléie léisst doruechter, da gëtt hie relativ séier condamnéiert? Wann een hautdësdags e Patt hëlt, dann ass e bannent sechs Méint scho condamnéiert mat engem fäerdegen Uerteel.

Bei der Korruptioun gëtt jorelaang enquêtéiert, bis näischt méi am Dossier ass oder bis et verjährt ass. Wann een e Patt gedronk huet, dann ass bannent sechs Méint d'Uerteel geschwat. Et kéint een am Fong geholl de Leit hei am Land d'Konklusioun ginn aus där doter Situatioun, andeem datt ee géif soen: „Sidd korrupt, awer drénkt net."

***(Hilarité)***

Här President, dat ass wierklech e Problem, eng Fro, déi ganz vill Leit sech hei am Land stellen.

En anere Problem ass deen: Wat woussten d'Ministeren? Mir hunn dräi sozialistesch Ministeren, déi an där ganzer Zäit vun 1989 bis 1999 am Amt waren: den Här Schlechter, den Här Goebbels an d'Madame Delvaux. An engem Wuert kann een dat resüméieren, wat si dräi woussten: Näischt! Si sinn esou wéi déi dräi Afen. Deen een huet näischt gesinn, deen aneren huet näischt héieren an deen drëtten huet näischt gesot.

A wann een dat dann am Rapport noliest vun der Enquêtëkommissioun, wat hir Aussoe mat sech bruecht hunn, dann huet den Här Goebbels zum Beispill gesot: „Je me suis interdit de m'immiscer dans les procédures strictement administratives. Je ne suis pas intervenu pour l'attribution des autorisations de licences. Je n'ai pas eu de réclamations de la part des professionnels, ni de particuliers. Les rapports de la gendarmerie de 1990 et 1991 ne m'ont jamais été soumis. En connaissance de tous ces faits, je ne voyais aucune raison pour m'occuper personnellement du dossier. Comme le service fonctionnait bien et qu'il n'y avait pas de réclamations, je ne me suis pas posé la question des critères de l'attribution des licences." Also, hie wousst vun näischt eppes, dat war alles an der Rei.

D'Madame Delvaux-Stehres huet geäntwert an der Kommissioun: «Je n'ai jamais vu le dossier. Pendant les cinq ans où j'étais Ministre des Transports, personne ne m'a jamais parlé de problèmes en relation avec l'attribution des autorisations.» Et war kee Sujet am Ministère. «De temps en temps», seet d'Madame Delvaux, «des rapports de gendarmerie nous parvenaient,…» - nous, ech huelen un, dass dat dann d'Madame Delvaux an den Här Morby waren - «…nous avions cependant décidé d'attendre les décisions judiciaires.». Wéi d'Madame Delvaux d'Fro an der Kommissioun gestallt krut, ob de Fait, datt eng Instruktioun wéinst Korruptioun géint dee Fonctionnaire opgemaach ginn ass, si net incitéiert hätt de concernéierte Service emol nozëexaminéieren, war d'Äntwert dorop «neen». Verstoppt ass sech ginn hannert enger Enquête administrative.

D'Madame Delvaux huet argumentéiert wéi haut: Hire Ministère huet formidabel fonctionnéiert. Et war keng Ursaach do. D'sozialistesch Ministere woussten einfach vun näischt eppes, wat do geschitt ass. Dat obschonns zënter 1990 d'Zeitunge voll stoungen, wat do gelaf war. Obschonns zënter 1990 Gewerkschafte Communiquéen erausginn hunn an an hiren Zeitungen Artikele geschriwwen hunn. Dat obschonns eng Perquisitioun am Transportministère war. Dat obschonns eng Enquête pénale ugelaf ass géint deen héije Fonctionnaire an dat obschonns de Minister selwer eng Enquête administrative gefrot huet. Trotz all deem: Si woussten näischt. An och virdrun ass hei geschwat ginn, datt 1990 d'Clignotantë schonn iwwerall ugaange sinn. Mä wéi gesot, wéi déi dräi Afen hu si näischt gesinn, näischt héieren a gesot. Esou konnten se also och déi Clignotantë vun 1990 net erblécken. Si woussten näischt.

Den 19. Dezember 1985 schonns huet den deemolegen Transportminister Marcel Schlechter e Bréif kritt, wou dra stoung: «Sur le plan national, la demande artificielle suscitée par les entreprises prémentionnées», domadder waren déi däitsch an déi éisträichesch Transportentreprisë gemengt «a d'ores et déjà mis des entreprises indigènes dans une situation difficile, alors que les autorisations sollicitées leur ont seulement été accordées au compte-gouttes. (…) Par ailleurs la fédération des industriels nous a signalé que le transporteur, chargé d'effectuer un transport pour le compte d'une entreprise industrielle luxembourgeoise, rencontrait de sérieuses difficultés pour obtenir une autorisation bilatérale autrichienne.»

Dee Bréif ass deemools geschriwwe gi vun der Confédération du Commerce an e war ënnerschriwwe vum deemolege Generalsekretär, dem Här Henri Grethen. Wéi gesot, dat war 1985.

Den 10. November 1993 huet den deemolegen Aarbechtsminister, den Här Jean-Claude Juncker, dem Här Kralowetz - am Bréif stoung zwar an der Entête „Kralowitz" - en ageschriwwene Bréif geschriwwen, wou dra steet: „Wie Sie wissen ist die Lösung in zumindest drei Punkten unrechtmäßig. Wenn ich Ihnen dennoch für eine gewisse Frist dem im Oktober 1990 geschaffenen Provisorium zugestimmt habe, so nur um Ihnen zu ermöglichen die Lage Ihres Betriebes ze regularisieren" - ech erënneren drun, dat war 1993 - „ohne deshalb Ihre Tätigkeit einstellen zu müssen. Ich habe hierbei deem Drängen des Transportministeriums nachgegeben, das durch das Ausstellen der Betriebsgenehmigung vollendete Tatsachen geschaffen hatte, ohne die arbeitsrechtlichen Belange und Schwierigkeiten zu sehen."

Also, den Aarbechtsminister seet, hien hätt op Dränge vum Transportministère do dann eben déi Autorisatioun verlängert. Mä, wéi gesot, vun de sozialistesche Ministere weess keen eppes.

Den Här Goebbels, dee jo ganz kloer gesot huet hien hätt sech ni doranner gemëscht, huet am Quotidien, wéi d'Affär Kralowetz héichgespillt ginn ass, an hie gefrot ginn ass, ob hien eppes wéisst vun der Affär Kralowetz, geäntwert: „…jamais entendu parler de ce nom là." Also hien huet am Joer 2002 nach ni deen Numm Kralowetz gehéiert. E stoung iwwer Joren an der Zeitung, hien huet a sengem Ministère d'Lizenzen ausgestallt, awer ni eppes dovu gehéiert.

D'Aarbechter sinn, duerch déi dote Situatioune vun deene Betribsfirmen, iwwer Joren ausgebeut ginn. An dat ënnert der Responsabilitéit vu Leit am Transportministère, déi an hirem Parteinumm den A, huelen ech emol un, fir Aarbechter stoen hunn, vu Leit vun der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei. Dat heescht, do hu lëtzebuergesch sozialistesch Akademiker Aarbechter ausgebeut iwwer Jorzéngten, andeem datt se näischt ënnerholl hu fir eben do Remedur ze schafen, obschonns se et woussten. Well mir hunn hei Piècen, wou scho vun 1990 u geschriwwe gëtt, si sollen sech conforme zu de Gesetzer setzen.

An och den Här Goebbels, dee jo näischt weess a sech och ni an d'Dossieren agemëscht huet, huet de 15. Mee hei an der Chamber gesot: „Mir hunn als Regierung ons Responsabilitéit geholl. Mir hunn dofir gesuergt, dass mer bei eis e proppert Haus gemaach hunn. Ech wëll just betounen, dass meng Beamten, esouwäit ech dat ka jugéieren, an ech hunn och keen Zweifel dorunner, dass ech voll informéiert sinn an där ganzer Affär do a korrekt gehandelt hunn."

Also, voll informéiert huet hien hei schonn 1990 deklaréiert, an am Joer 2002/2003 weess hien iwwerhaapt näischt méi, wat an deene leschte 15 Joer de Fall war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Firwat maachen ech dat hei? Mä fir einfach emol ënner Beweis ze stelle wéi hei verschidde Ministeren, déi an der Responsabilitéit stoungen an iwwer all déi Jore wousste wat do geschitt war, elo heihinner komme mam Tréinesäckelchen an esou maache wéi wann näischt geschitt wär. Hei stinn d'sozialistesch Ministere voll an der Responsabilitéit an den Här Rippinger huet mat Recht gesot, si sollen sech net méi, wa se éierlech sinn a wann dat wat d'Madame Delvaux virdrun hei ugeschwat huet vun Ethik an der Politik, zur Verfügung stellen, fir virun de Wieler ze trieden.

En anere Fall, dee mer hunn, ass dee mat där Enquête administrative, déi deemools vum Här Goebbels ugefrot gi war, nodeem datt den 19. September 1991 am Journal en Artikel stoung mam Titel „Ein Riesenskandal im Transportsektor", an an deem Artikel ass den Här Morby relativ schaarf ugegraff ginn.

Den Här Goebbels huet doropshin den Här Statsminister Santer gefrot, oder proposéiert, fir eng Enquête administrative ze maachen, mat där den Här Santer dunn och den 23. September de Premier Conseiller du Gouvernement, den Här Jean Rodenbourg, beoptraagt huet, deen a véier bis fënnef Wochen dës Enquête ofgeschloss hat.

Wann een dat gesäit, datt een esou eng Enquête kann a véier bis fënnef Wochen ofschléissen, a wa mer gesinn, datt de Juge d'instruction dann déi néng Joer gebraucht huet, a wann ee gesäit datt mir hei an der Chamber iwwer e Joer amgaang waren, dann ass dat schonn eng Leeschtung gewiescht, fir bannent e puer Woche kënnen esou e Rapport ze maachen, an dann och nach zu esou enger klorer Konklusioun ze kommen, nämlech: Et ass alles paletti an deem Ministère.

Do kann een zum Beispill liesen, wat d'Prozedur ubelaangt: «La procédure des demandes en obtention d'une autorisation et leur instruction excluent pratiquement une possibilité d'arbitraire.»

An an der Konklusioun steet: «L'enquête n'a apporté aucune preuve, ni présomption à l'appui des accusations de corruption formellement contestées par Monsieur Morby.

Il résulte de la présente enquête administrative qu'il ne peut être reproché à Monsieur Morby aucun manquement à ses devoirs de fonctionnaire. Il est apparu aussi que la direction du service des transports routiers s'acquitte de sa tâche complexe avec compétence et consciencieusement.

Enfin, le soussigné est d'avis» - dat ass de Premier Conseiller Jean Rodenbourg - «que l'institution de la présente enquête administrative a constitué le moyen propre à confirmer la dignité morale et professionnelle de Monsieur Morby.»

Dat schreift deen een héije Fonctionnaire iwwert deen aneren héije Fonctionnaire.

Iwwregens, am Kader vun deene fënnef Wochen, wou déi Enquête do gefouert ginn ass, huet den Här Morby dem Enquêteur, dem Här Rodenbourg, och e Bréif geschriwwen, wou den Här Morby dann dunn zum Här Rodenbourg seet: «Je suis d'avis que cette enquête devra bien au contraire confirmer sans la moindre ambiguïté que j'ai toujours exercé mes fonctions avec la compétence et l'intégrité que mes devoirs de fonctionnaire m'imposent.»

Dat heescht den Här Morby huet dem Här Rodenbourg am Fong virgeschriwwen, wat en als Konklusioun soll hunn. A wat hu mer bei de Konklusiounen erëm fonnt? Mä genau datselwecht wat den Här Morby proposéiert hat.

Et war e bestallte Rapport, et war en Alibirapport, deen dem Här Morby wierklech gutt gepasst huet, an deen awer de sozialistesche Ministere gutt gepasst huet, well si hu sech duerno alleguerten hannert där Enquête an deem Rapport administratif do verstoppt.

Wann ee gefrot huet: Firwat maacht Der näischt? Mir kënnen näischt maachen, mir hunn e Rapport hei leien. Den Här Morby, dat ass e Mann wou alles an der Rei ass; et ass alles paletti, et ass näischt geschitt, besser kann et net sinn, mir dierfen net als Ministère eppes do maachen.

Datt den Här Morby awer a véier Fäll grad wéinst den Attributioune vun Transportautorisatioune wéinst Korruptioun mat néng Méint Prisong mam Sursis a mat 2.500 Euro gestrooft ginn ass, beweist jo, an dat ganzt Uerteel an alles wat duerno komm ass, wéi seriö datt déi Enquête administrative do gemeet ginn ass, op déi dräi sozialistesch Ministeren, een hannert deem aneren, sech konnte stäipen.

Meng Konklusiounen, Här President, och wann d'Enquêtëkommissioun am Laf vun deene ville Sëtzunge korrekt verlaf ass - de Lucien Weiler huet déi Sitzunge korrekt presidéiert an de Kolleeg Gusty Graas huet och de Rapport, wat deen éischten Deel ubelaangt, ganz korrekt gemaach; den zweeten Deel ass ebe politesch net a senger Majoritéit gedroe ginn, mä d'Aarbechten an der Kommissioun…

***(Interruption)***

Wat gelift?

Se ass vun der Majoritéit gedroe ginn, mä net vun der Oppositioun.

An, Här President, wa mer eben an de Konklusiounen net eens ginn, ass dat eben aus verschiddene politesche Siichten, mä an der Schlussphas, wéi mer zu de Konklusioune komm sinn, si mer awer wierklech enttäuscht ginn.

Konklusioune si keng, menger Meenung no, wierklech gezu ginn, ausser e puer Recommandatiounen, déi net vill méi wäert si wéi dee Pabeier wou se drop stinn. Vu Sitzung zu Sitzung sinn d'Konklusioune méi schwaach ginn. De Minister an den Här Morby si quasi wäiss gewäsch ginn, weder e Blâme fir e Minister, nach fir den Här Morby sinn an de Konklusiounen zréckgehale ginn, wat eiser Meenung no awer méi wéi iwwerfälleg gewiescht wier.

Hei ass alles wäiss gewäsch ginn. Hei sinn de Weisser Riese, de Meister Proper, den Dash, den Ariel, de Spüli an de Kukident zesummen agesat ginn. Eng Kombinatioun vu „weisser geht's nimmer".

A wa mer nach zwou Sitzungen, Här President, drugehaangen hätten, dann hätt haut jiddereen e Pak wäisse Pabeier als Rapport viru sech leien. Wann een de Mëtten hei e bëssen nogelauschtert huet, ass d'Kommissioun net an hirer Majoritéit zur Konklusioun komm, et misst een dem Grand-Duc recommandéieren, réckwierkend dem Här Morby an de sozialistesche Ministeren déi héchst méiglech Medail zouzëerkenne fir déi exceptionell Leeschtung, déi si an hirer Genossenschaft zesumme verbruecht hunn.

Et ass natierlech eng Fro firwat datt d'politesch Majoritéit hei am Haus domat averstane war, datt d'Sozialisten esou gutt an dësem Rapport ewech komm sinn. Esou gutt, datt se net mol hu misse géint de Rapport stëmmen; den Här Krecké konnt sech enthalen.

Et ass sécherlech e Kouhandel deen hei geschitt ass tëschent deene Parteien. Wou d'Demokratesch Partei allerdéngs, Här President, muss wëssen, wat fir eng Roll datt se do gespillt huet. Si war am Fong nëmmen tëschent deenen zwee wou se do stoung, si huet de Rapport gemaach, mä si huet dat Spillchen awer matgemaach. E Spillche wat eis sécherlech net déi besser Positioun als Politik hei am Land erabruecht huet.

Wa mer d'Konklusiounen insgesamt zéien, a wësse wat alles an deem Dossier do dran ass, a wësse wat herno zum Schluss eraus komm ass, Här President, da musse mer leider soen, datt mer no baussen d'Zeeche ginn hunn, datt mer als Lëtzebuerg méi no bei enger Bananne republik wéi bei engem Rechtsstat stinn.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht fir d'éischt eng Virbemierkung zu deem wat d'Madame Delvaux de Mëtten hei um Schluss vun hirer Ried gesot huet. Ech wëll hir soen, datt ech, an dat hunn ech scho méi wéi eng Kéier och an Artikelen an Tribüne geschriwwen, hir Aschätzung deelen, datt et fir d'Politik méi wéi wichteg wär fir sech e Code de conduite ze ginn, wou gewëssen ethesch a moralesch Kritäre géinge respektéiert ginn. Ech deelen déi Aschätzung.

Ech soen Iech awer grad esou gutt a grad esou däitlech, datt Moral an Ethik och e gewëssenen Inhalt mussen hunn. An den Inhalt dovunner, deen dierf een net eréischt entdecken, an dat mengen ech net nëmme fir Iech selwer, mä éischter fir Är Fraktioun oder Är Partei, wann een e bëssen op der Défensive steet, respektiv zweetens muss zu deem Inhalt vu Moral an Ethik awer och gehéieren, datt een de Courage huet fir Mëssstänn, wa se dann existéieren, opzedecken, virun allem wa se etheschen a moralesche Kritäre widderspriechen. An datt dat an deem heiten Dossier de Fall ass, dat wäert ech versichen an där nächster halwer Stonn ze beleeën.

Et muss een éischtens scho wëssen, datt eigentlech, wa mer haut hei iwwert dee ganze Problem do schwätzen, dann ass dat an aller éischter Instanz, well mer vum Ausland hier dozou forcéiert gi sinn. Et ass zwar esou datt effektiv dës Regierung 1999 an hirer Regierungserklärung eng Rei Saachen drastoen hat iwwert dee Secteur an datt se do wéilte verschidde Saachen an der Gesetzgebung änneren, e bëssen Uerdnung schafen, mä Fakt ass, datt huet missen d'Staatsanwaltschaft vu München kommen, fir Lëtzebuerg hei ze avertéieren, ze alertéieren, fir datt definitiv dee Sumpf, dee sech do an Zwëschenzäit gebilt hat, endlech sollt dréche geluecht ginn.

An da kommen ech och zum Ufank vu menger Ried eigentlech, an ech wëll se ufänke mat engem Zitat aus der Revue vum 27. Februar 2002, wou ënnert engem groussen Titel en Artikel geschriwwe war iwwert d'Kralowetz-Affär, wou stoung: „Aus der Nische wurde ein Abgrund".

Dir Dammen an Dir Hären, fir eis als Gréng ass den Haaptproblem bei dësem Dossier bei all deem wat mir hei diskutéieren, an ech kommen nach dorobber zréck, net esou séier, oder ech géing souguer soe guer net, dee strofrechtlechen Aspekt, deen de Mëtteg scho vill diskutéiert gouf, mä den Haaptproblem ass fir eis hei deen, dass e Secteur opgebaut ginn ass, eng ekonomesch Nisch opgebaut ginn ass, vun 1984 un, déi schlëmmst ausbeuteresch Konditiounen erlaabt huet vu Salariéen, déi Aarbechtskonditiounen zougelooss huet, déi extrem inhuman waren, déi eigentlech éischter an d'19. Jorhonnert gehéiert hätte wéi an d'20., scho guer net menger Meenung no an d'21. Jorhonnert. Da muss ee sech domadder beschäftegen un alleréischter Stell, wann een iwwert déi ganz Problematik hei schwätzt.

A wann dann hei gesot gëtt, dass dat jo keen hätt kënne wëssen, well tëschent 1984 an 1989, wou menger Meenung no de Grondstee geluecht ginn ass fir dëse Secteur hei, dee vum internationale Stroossegütertransport, a virun allem dee spezifeschen hei an Drëttlänner, ëm deen et hei gaangen ass bei der Kralowetz-Affär, also Länner, déi ausserhalb der EU sinn, da muss ech soe mécht ee sech d'Saach awer e bëssen einfach.

Mir hunn, wou dee Ministère oder dee Minister décidéiert huet, oder déi Partei oder déi Regierung, déi deemools am Amt war, décidéiert huet dee Secteur, déi Nisch do opzebauen, an ech ginn emol dovunner aus, dass déi Saachen och alleguerten déi Zäit am Conseil de Gouvernement diskutéiert gi sinn tëschent 1984 an 1989, do hu mer vergiess gehat ze kucken, ob eis Gesetzgebung insgesamt zu Lëtzebuerg, eis Kontrollmechanismen insgesamt zu Lëtzebuerg adaptéiert waren, fir eis op déi Aventure do anzeloossen. Ech schwätzen emol guer net vum Aspekt wat et eis finanziell sollt bruecht hunn oder net. Ech schwätzen elo nëmme vun deem dote Volet.

A wann dann hei gesot gëtt, dat hätt een net kënne wëssen, an dat wär eng Nisch wéi iergendeng aner, an et hëlt ee souguer nach de Finanzsecteur eraus, fir ze beweisen, dass och deen zu Lëtzebuerg am Ufank opgebaut gi wär op villen Inconnuen, an dass eigentlech dat eng permanent Evolutioun wär vun der Gesetzgebung, déi gemaach hätt, dass mer haut dee Finanzsecteur hunn, dee mer hunn, da muss ech awer soen, dass dat fir dat Beispill hei schlecht gewielt ass. Well d'Risiken an d'Geforen, déi sech am internationale Stroossegiddertransport verstoppt hunn, waren an den 80er Jore scho largement bekannt.

A besonnesch muss ech Iech soen, an do ginn ech der Madame Delvaux Recht, dem Här Schlechter, ech kennen hie perséinlech jo och relativ gutt, kann ee sécherlech net vu vireran en antisoziaalt Verhalen ënnerstellen. Dofir, bei allem Respekt virun der Persoun vum Här Schlechter, muss ech awer soen: Fir mech ass et wierklech onverständlech, dass den Här Schlechter et zougelooss huet, dass sech esou aventuriéis an déi Nisch do avancéiert ginn ass, well et muss ee jo awer wëssen, dass de Marcel Schlechter aus deem dote Secteur kënnt, beruffstäteg, dass hie während laange Jore President war vun der ACAL, dat heescht vun der Gewerkschaft vun de private Camionschaufferen, dass hien op vill Kongresser gefuer ass an den 80er an an de 70er Jore vun der internationaler Transportfédératioun, wou déi Problemer do all largement thematiséiert gi sinn, wou déi Geforen alleguerte largement beschriwwe gi sinn.

An och dofir, wéi gesot, hätt hie sech besonnesch misse bewosst sinn, wéi hien tëschent 1984 an 1989 sech hei an déi Aventure avancéiert huet, dass hien hei mat mafiéisen an ausbeuteresche Strukture géif konfrontéiert ginn, an dass hien ier hie sech doranner lancéiert huet, fir d'éischt emol hätt misse kucken, ob wéi gesot all déi sozial Gesetzgebungen, d'Aarbechtsgesetzgebungen, d'Nidderloossungsrecht, d'Transportgesetzgebungen, ob déi wierklech stabil genuch wären, dat heescht de gesamte legislative Kader stabil genuch wär an och d'Kontrollmechanismen do wären, fir dass dee Secteur do, déi Nisch do kéint esou entwéckelt ginn, dass déi Dérapagen, déi sech herno entwéckelt hunn, net hätte kënnen entstoen.

D'Mechanisme ware vielfälteg, an ech wëll nëmmen déi grobsten hei opzielen, déi benotzt gi sinn. An do muss ech soen, bei deene meeschten dovunner geet et guer net ëm CEMT-Lizenzen oder wat och ëmmer, bei deene meeschte Mechanismen hei geet et ëm d'Hannergoe vu Gesetzer, déi existéiert hunn. Dat heescht do si permanent Vergehe geschitt par rapport zu Gesetzer, déi existéiert hunn.

Wann d'Chaufferen en permanence op de Kilometer amplaz op d'Stonn bezuelt gi sinn zum Beispill, da war dat verbueden. An dat war bekannt, do sinn Honnerte Procès-verbalen opgestallt ginn, do sinn X Bréiwer geschriwwe gi vun deenen zoustännege Gewerkschaften, déi dorop higewisen hunn. Wann hei eng Schäinselbststännegkeet opgebaut ginn ass fir d'Chaufferen, da muss ech drop hiweisen, dass et en Uerteel gëtt vun den Assurances sociales aus den 90er Joren, dat genau dat dote gesot huet, dass dat net geet, dass dat verbueden ass. Dat heescht, dass jiddferee wousst, dass do eng ganz Rei Saache gemaach gi sinn, déi illegal waren, déi mat bestehende Gesetzer hätte misse bestrooft ginn.

Wann Tachometere gefälscht gi sinn an de Camionen, ewechgehäit gi sinn oder am Camion keng dra waren, da kann een dat ofdoen ënnert dem Strëch als Bagatellen, mä et weess ee jo, firwat dass dat gemaach ginn ass, mat wat fir engen Hannergrënn dat gemaach ginn ass. Da sinn dat effektiv Vergehen, déi gesetzlech verbuede waren, déi do gemaach gi sinn, déi ni an deem Mooss geahndet gi sinn. Déi Firma hei, déi eigentlech den Ausléiser war, fir dass de Schwier, wann een et emol esou wëllt soen, zum Platze komm ass, déi war Champion an deem dote Vergehen.

Congésschäiner, déi fiktiv opgestallt gi sinn, also ech kéint d'Lëscht vu Vergehen hei wierklech ellelaang weiderféieren, eleng déi Vergehe par rapport zu bestehende Gesetzer, déi gemaach gi sinn, wou sech net ka verstoppt ginn hannert iergendeppes, esou dass een näischt hätt kënne maachen, déi eigentlech genuch beleeën ëm wat et hei geet. Dobäi hunn ech nach net vun deene ganz groben Tricken a Machenschafte geschwat, déi ëmmer hei probéiert gi sinn, déi mam Nidderloossungsrecht ze dinn hunn oder mat anere Gesetzer, fir esou mafiéis Strukture wéi dat doten opzebauen.

Hei ass iwwer 15 Joer, an dat deet mer Leed, dat soen ze mussen, eng dreckeg Nisch, déi en long et en large bekannt war, opgebaut ginn, souguer gefördert ginn, an et ass effektiv zum Deel driwwer ewechgekuckt ginn. D'Politik huet relativ tatenlos nogekuckt an et geet net duer, dass een dofir hei seet, „mir konnten näischt maachen", respektiv „mir haten net genuch Moyenen". Scho guer net kann ech dat akzeptéieren, wat de fréieren Transportminister, den Här Goebbels gesot huet am Kontext vun der Kralowetz-Affär an och an der Kommissioun: „Ech hat Besseres déi Zäit ze dinn. Ech hu mech ëm d'Politik bekëmmert, an ech hu mech net ëm esou Klengegkeete wéi dat heite bekëmmert."

Ech wëll heibanne soen, wann dat dote Klengegkeete sinn, wat sech do opgebaut huet an den 80er an an den 90er Joren, wann dat net Politik war au sens wierklech vum Terme, da froen ech mech wat d'Politik am soziale Beräich nach iwwerhaapt ass. An ech muss soen, ech sinn entsat driwwer, et deet mer Leed dat soen ze mussen, mä ech sinn entsat driwwer, wann ech esou Saachen aus dem Mond vun engem Politiker héieren, deem seng Partei ech awer nach ëmmer zu deene rechnen, déi de soziale Beräich eescht huelen, a wou ech och weess, dass genuch Vertrieder an där Partei sinn, déi sech vill engagéiere fir de soziale Beräich.

Eigentlech ass am Joer 2002 d'Ausmooss vun der sozialer Katastroph ronderëm de Kralowetz jo an d'Öffentlechkeet komm, an et konnt ee gesinn, wat fir en Aktivismus dass dunn op eemol vun de politeschen Instanzen un den Dag geluecht ginn ass, fir Gesetzer duerch d'Instanzen ze bréngen. Ech schwätzen nëmme vun deem Gesetz iwwert d'Verschäerfung vum Nidderloossungsrecht, e Gesetz wat während Joren an den Tiräng gedümpelt huet, an ech sinn net d'accord, wann hei gesot gëtt, dat wär nëmme gewiescht, well de Conseil d'Etat 2000 en Avis ofginn hätt, aus deene Grënn, déi den Här Weiler hei virdrun opgezielt huet.

Well et muss ee jo wëssen, dass effektiv éischtens déi Direktiv schonn zwee Joer virdru verofschiet gi war, an dass zu Lëtzebuerg eis keen dru gehënnert hätt fir scho vill méi fréi eist Nidderloossungsrecht an deem Sënn ze verschäerfen, wéi mir et elo gemaach hunn, vu dass mer jo awer scho säit Ufank den 90er Jore wossten, wou d'Schwieregkeete louchen. Dofir, Här Weiler, muss ech soen, an och dem Här Boden muss ech dat soen, dee jo laang genuch Minister vun de Classes moyennes ass, Äre Ministère dréit och eng Responsabilitéit drun, dass et zu deem Chaos komm ass, zu deem et schlussendlech komm ass.

An ech muss och soen, Här President, dass et effektiv fir mech net akzeptabel ass, wa fréier Transportministeren, déi wéi gesot jo awer aus enger Partei kommen, déi eng sozial Oder huet, maache wéi wa si 15 Joer laang alles dat vergiess hätten oder déi dote Saachen net gewosst hätten.

An ech muss och soen, dass ech dat net akzeptéieren, wat de Premierminister gemaach huet um Héichpunkt vun der Kralowetz-Affär, wou hien an engem gewëssenen energeschen Toun e Bréif, deen hien 1993 geschriwwen huet, deen den Här Gibéryen och hei virdrun zitéiert huet, als Beweismëttel op den Dësch geluecht huet, fir ze soen, dass hie schonn 1993 genau gewosst hätt, wat am Secteur ebe gewiescht wär, an dass den Transportministère eigentlech hien dozou gedrängt hätt, fir awer nach verschidde Betriber esou fonctionnéieren ze loossen, wéi se dann nach schlussendlech ëmmerhin zéng Joer fonctionnéiert hunn, oder bal zéng Joer.

Da muss ech soen, da geet dat mir awer och net duer, well fir vun 1993 bis 2002, dat heescht fir néng Joer ze waarden, ier een als Aarbechtsminister - bon 2002 war hien zwar net méi Aarbechtsminister - deen Duercherneen do zur Chefsache erkläert, dat ass mer och e bëssen dürfteg als Entschëllegungserklärung, déi da muss hierhale fir ze soen, firwat een net éischter dorobber reagéiert huet.

Den Héichpunkt vun där Ausenanersetzung hate mer jo 2002 am Sträit tëschent der LSAP an dem OGB-L-President. A wann ech gewollt hätt, dann hätt ech kënne meng ganz Ried opbauen op Stellungnahme vum OGB-L, respektiv vun hirem President, déi 2002 gemaach gi sinn. Dat heescht vun engem Mënsch, dee bestëmmt an den A vun der LSAP steet fir sozial Gerechtegkeet, well dofir huele se e wahrscheinlech 2004 mat op hir Lëscht, huelen ech emol un. Mä wann ech liesen, wat deemools alles geschriwwe ginn ass, déi Reaktiounen och kucken, déi deemools komm si vun der LSAP a vun hirem Parteipresident, an dann erëm d'Reaktioune vum Här Castegnaro dorobber, do wëll ech nëmmen eppes zitéiere fir dat ze ënnersträichen, wou den Här Castegnaro als President vum OGB-L seet: „Die Reaktion des LSAP-Präsidenten, die erste der LSAP zur Affäre Kralowetz und zur Problematik Strassengütertransport insgesamt, sieht eher danach aus, dass der Parteipräsident seinen Kongress und seine Person retten will. Hier drückt auch ein Profilproblem des alten und neuen Parteipräsidenten durch, der hofft, Spitzenkandidat seiner Partei bei den Parlamentswahlen zu werden. Das kann ich alles verstehen. Nur mag ich es nicht, wenn es auf meinem und des OGB-Ls Rücken geschieht."

Ech zitéiere weider: „Ich klage jedoch an, dass wenige Zeit nachdem das alles begann," - also d'Kralowetz Affär - „alle Hinweise der ACAL, des Zolls und anderen Kontrollinstanzen missachtet wurden. Das hat es ermöglicht, dass Kralowetz in Luxemburg bequem ein unmenschliches System von Sozial- und Wirtschaftsdumping errichten konnte."

Wéi gesot, ech hätt meng Ried, wann ech gewollt hätt, kënne vollspicke mat esou Zitater, déi iwwer Wochen an den Zeitunge stongen, mä dat wëll ech lech awer erspueren, well ech ginn dovun aus, datt Der se selwer alleguerte gelies hutt, wollt awer mindestens eent an Erënnerung ruffen, fir datt mer och wësse vu wat mer de Mëtteg hei schwätzen.

An ech muss soen, mir hunn als Gréng relativ séier reagéiert an deem Kontext bei der Affär Kralowetz, hunn Entrevuë gehat mat alle Gewerkschaften an och versprach, datt mir fir eng schounungslos Opklärung vun de Responsabilitéiten an deem Dossier wären a géifen derzou bäidroen, datt déi Nisch do géing berengegt ginn. Dat hu mer gemaach um nationalen Niveau, andeem mer versicht hunn am Parlament Drock ze maachen, fir datt et zu enger Commission spéciale kéim an duerno zu enger Commission d'enquête. Dat hu mer awer och gemaach op europäeschem Niveau. Eisen Europadeputéierte Claude Turmes huet direkt eng Rei Initiative geholl um Niveau vum Europaparlament, fir datt och op europäeschem Niveau deen Dossier géing weidergedriwwe ginn.

An da kommen ech zu deem Punkt, deen eis schonn 2002 ëmmer ënnerstallt ginn ass, ënner anerem och vum Här Asselborn, a wou de Mëtteg erëm e bëssen dervun duerchsickere gelooss ginn ass, wéi wann déi Gréng deen Dossier eréischt 2002 entdeckt hätte bei der Kralowetz-Affär. Een dee weess aus wat fir engem beruffleche Secteur ech kommen, hätt misse wëssen, datt dat net stëmmt. Et war fir mech kloer vun un datt et an dëser Chamber gewosst war, mat wat fir engem Secteur mer eis do géinge beschäftegen an ëm wat et sech do géing dréien.

Ech hunn een Zitat als Bewäis erausgeholl aus enger Ried, déi ech hei an der Chamber gehalen hat de 17. Juli 1990, awer ech hätt där Zitater kënne méi bréngen. - Et ass wuel flott, wann een dat mol alles erëm kann noliesen. - Do ass et gaangen ëm de Pavillon maritime. Ech hu genau dee Lien gezunn an hunn 1990 an engem längeren Exkurs versicht drop hinzeweisen, datt mer géinge beim Pavillon maritime de Risiko lafen, déiselwecht Feeler ze maachen, déi mer gemaach hunn am Stroossegiddertransport, nämlech eng Nisch opzebauen, wou massiv Strukture géingen existéieren a wou fir Lëtzebuerg esou gutt am soziale Beräich wéi och imagméisseg e gréissere Schued kënnt entstoen.

A wéi ech gelies hunn, wat ech deemools ugefouert hat fir dee Lien ze maachen, wëll ech lech dat haut net virenthalen. Fir d'éischt hunn ech déi Lienen opgezielt, déi ech elo virdru gesot hunn an drun erënnert, datt zum Beispill kierzlech – 1990 -, an net méi spéit wéi virun zwee Méint, Lëtzebuerg an ee ganz komescht Liicht geroden ass, wéi ee Camion bei Amsterdam gestoppt ginn ass, dee voller Droge gestoppt war a wou dann erausfonnt ginn ass, datt dee Camion an déi Firma hire regelrechte Sëtz zu Lëtzebuerg hätten, a wou awer herno erausfonnt ginn ass, datt dee Sëtz aus enger Bréifkëscht géing bestoen an de Verwaltungsapparat als solchen net géing zu Lëtzebuerg existéieren, dat awer Lëtzebuerg an e schlecht Liicht géing bréngen, an datt géing versicht ginn déi ganz Affär ënnert den Teppech ze kieren, an datt effektiv eis Strukturen zu Lëtzebuerg net adaptéiert wäre fir dee Secteur do ze kontrolléieren.

Déi Firma, déi ech hei zitéiert hat, war Botrans, eng vun de Firmae wéinst deenen den Här Morby herno wéinst Corruption passive zu enger Geldstrof condamnéiert ginn ass. Dat heescht, 1990 sinn Interventioune vun eis gemaach ginn, déi dorop higewisen hunn.

***(Interruption)***

Jo, dat do war den Artikel aus dem Télécran. Dat war nëmmen ee Beispill, wat ech zitéiert hunn, mä meng Interventioun als solch ass drëm gaange fir ze weisen, datt d'Risike beim Pavillon maritime ähnlech wäre wéi beim internationale Stroossentransport.

Déi éischt Missioun vum parlamentaresche Spezialausschuss direkt no der Kralowetz-Affär war net fir erauszefanne wat an deem penale Volet par rapport zu engem héije Beamte géif geschéien, mä fir eis war déi éischt Missioun, wéi et esou wäit konnt kommen, datt dee Secteur sech esou entwéckelt huet. Wat war d'Funktiounsweis am Ministère an deem Zesummenhang? Wéi hunn d'Prozeduren do fonctionnéiert? Hat dee Ministère iwwerhaapt d'Moyene fir esou aventuriéis an esou eng Nisch eranzesprangen? An dann d'Kontrollmechanismen. Huet et der ginn? Hu se fonctionnéiert a wéi hu se fonctionnéiert?

Firwat mer eigentlech eng Commission d'enquête gegrënnt hunn? Dat war net onbedéngt deemools am Spezialausschuss, wou mer och gewësse Saachen interféréiert hunn an dee strofrechtlechen Dossier, eise Problem am Ufank. Kommt, mir sinn dach emol éierlech. D'Commission d'enquête ass ageruff ginn, well mer ee Moment blockéiert waren, well mer d'Dossieren net kritt hunn, déi mer wollten hunn, a well mer gefaart hunn, datt verschidden Zeien, déi mer wéilte ruffen, einfach net bei d'Kommissioun kéimen, an dofir hu mer fonnt, datt ee misst eng Commission d'enquête grënnen, well d'Commission d'enquête einfach de Moyen hätt fir een ze zwéngen an déi Sëtzung ze kommen.

Dofir ass net de strofrechtlechen Aspekt dee wesentlechen, deen d'Geriicht sollt tranchéieren, an deen huet d'Geriicht och tranchéiert, mä deen eigentlechen Aspekt deen d'Parlament an d'Commission juridique sollten tranchéieren, war: Firwat hu mer déi dreckech Nisch do opgebaut? Et war awer relativ séier ersichtlech, datt et fir gewësse Politiker méi interessant wär, fir op en Nieweschauplatz ze déviéieren, virun allem vun der LSAP an och vun der CSV, well dat huet natierlech erméiglecht fir d'Versoe vun hirer eegener Politik ronderëm dee Secteur ze cachéieren. Effektiv huet dat dozou gefouert, datt mer du méi diskutéiert hunn iwwer eng Persoun an der Enquêtëkommissioun wéi iwwert den eigentlechen Dossier a säin Inhalt, an dat zu mengem gréisste Bedaueren. Ech hunn ëmmer versicht et op een aneren Terrain ze bréngen, mä dat war net méiglech.

An et ass och dofir kaum verwonnerlech, datt bei de Schlussfolgerunge vum Ofschlossbericht wéineg Interesse bestanen huet fir iwwer Kralowetz a Compagnie vill ze diskutéieren, an een Amendement, dee mir als Gréng erausginn haten, wou ëmmerhin emol de Versuch gestart gi wär, fir d'Responsabilitéiten an d'Problemer e bëssen ze schilderen, deen ass natierlech mat Karacho ofgelehnt ginn. Et ass wahrscheinlech well iwwert déi ganz Kralowetz-Affär Gras gewuess ass an déi 500 Leit, déi betraff waren, no gudder Lëtzebuerger Manéier iwwert d'Grenz geschéckt si ginn. Dat heescht, mir hunn eise Problem iwwert d'Grenz verlagert, ausserhalb vun der Europäescher Unioun, gutt wäit ewech. Mir si jo entre-temps Spezialisten doran. Ech stelle mer just d'Fro: Wann et sech hei ëm ee Betrib gehandelt hätt, wou méi Bierger a Biergerinnen dra geschafft hätten, déi och zu Lëtzebuerg gewunnt hätten an hei hir Steiere bezuelt hätten, ob dann déi Logik „aus den Augen, aus dem Sinn" och esou einfach hätt kënne fonctionnéieren? Ech hunn op alle Fall meng Zweifelen do drun.

Mir stellen eis dofir als Gréng haut nach ëmmer déiselwecht Froen. Mir stellen eis d'Fro: Wéi steet et haut mat deem Secteur, och no der Verschäerfung vum Nidderloossungsrecht? Ech wëll drop hiweisen, datt zimlech markant Spréch vun der Politik gesot gi sinn, Signaler no bausse gi gi sinn driwwer, wéivill Dosende Betriber no deem verschäerften Nidderloossungsrecht sech missten an Uerdnung bréngen, ansonste se missten dicht gemaach ginn. Dat sinn Zitater, déi Der kënnt noliesen.

Wéi steet et haut mat der Aarbechts- a Sozialgesetzgebung, mat de Kritäre fir CEMT, an esou weider an esou fort? Ech mengen, dat si Froen, déi och haut eng Äntwert mussen hunn, an net nëmmen haut, och an deenen nächste Joren. Zumindest do sinn ech mat der Madame Delvaux d'accord. Dee Problem, dee schafe mer net an dräi Deeg aus der Welt.

Eis als Gréng interesséiert awer, datt ee Suivi haaptsächlech kënnt um inhaltlechen Dossier an dofir hu mer och eng Motioun verfaasst, wou e bëssen d'Problematik geschildert gëtt a wou mer verlaangen, datt déi interministeriell Kollaboratioun, déi jo mat Sécherheet, an dat konnt een och feststellen op verschiddenen Niveauen an der Enquêtëkommissioun, net ëmmer zum Allerbeschte fonctionnéiert huet, datt déi misst besser fonctionnéieren. An der Tëschenzäit ass dat elo anscheinend de Fall.

Mä virun allem verlaange mer, datt een Observatoire national des transports routiers geschafe gëtt, an datt eemol am Joer den Transportminister ee Rapport soll verfaassen, wou en der Chamber ka matdeelen, wéi de Secteur évoluéiert huet, wéi d'Gesetzgebung évoluéiert huet, sougutt um nationale Plang wéi och um europäesche Plang, datt mer deen da kënnen an deenen zoustännege Kommissiounen oder vläicht souguer och hei am Plenum diskutéieren. Ech géing déi Motioun heimadder déposéieren.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les graves lacunes constatées au niveau des conditions de travail, des critères d'octroi des licences et autorisations d'établissement ainsi qu'au niveau des contrôles dans le secteur des transports routiers internationaux;*

*- considérant que l'instruction pénale de l'affaire «Kralowetz» a dévoilé de façon claire et précise les suites désastreuses d'un tel dysfonctionnement pour des centaines de travailleurs de ce secteur quant à leurs conditions de travail et de rémunération;*

*- considérant que l'affaire «Kralowetz» a également détecté les nombreuses infractions à la législation européenne en matière de transports routiers internationaux;*

*- considérant que suite à un manque de collaboration et de coordination interministérielles le secteur routier international a échappé durant de longues années à tout contrôle efficace;*

*invite le Gouvernement*

*- à garantir une collaboration interministérielle optimale en matière des transports routiers internationaux;*

*- à instaurer un observatoire national des transports routiers, regroupant les différentes administrations concernées et des représentants des employeurs et employés de ce secteur;*

*- à publier, sous la responsabilité de cet observatoire national, un rapport annuel qui sera soumis à la Chambre des Députés.*

*(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Här President, ech kommen dann zum zweete Volet, wou ee jo net derlaanscht kënnt en awer unzeschwätzen, dat ass den Duerchenaner am Ministère. Deen huet baséiert op enger Rei Punkten. Dat éischt ass: keng kloer Regele wat d'Kompetenzopdeelung ubelaangt. Dat konnt een eleng feststellen un deene widderspréchlechen Aussoe vun den Zeien, déi an der Commission d'enquête défiléiert sinn. Et konnt een et feststellen u verschiddenen Aussoen an och un Aussoe vun engem Beamte selwer, datt hei ze vill Muecht an d'Hand vun engem Beamte geluecht ginn ass. Et hänkt awer och eiser Meenung drun, datt deen héije Beamten och nach e politesche Parteigänger war, an ech sinn der fester Iwwerzeegung, datt duerch deen Duercherneen, deen tëschent '84 an '89 do entstanen ass, hei d'Statsraison mat der Privatraison, an ech wëll net souguer soe mat der Parteiraison, deelweis duerchernee gehäit ginn ass.

A wann ech kucke wat am Uerteel festgehale ginn ass géint dee Fonctionnaire, néng Méint Prisong an 2.500 Euro Geldstrof wéinst Corruption passive: Wat bedeit dat? Ma jo, dee Mann huet eng Rei Spenden entgéint geholl. Dovu sinn een Deel a Veräiner gefloss, déi an der Gemeng Mamer usässeg sinn. Mir wëssen, datt deen nämlechte Beamten an der Gemeng Mamer och politesch aktiv war, souguer eng Zäit Schäffen do war. An da muss ee jo och wëssen, wann een do vu Corruption passive schwätzt a vu Spenden déi iwwert hien transitéieren a Veräiner an der Gemeng Mamer, dann hunn déi och e politeschen Zweck. Déi hu jo net nëmmen als Zweck, datt een es deene Veräiner einfach gutt wëllt.

An da kommen ech op ee Punkt ze schwätzen, dee menger Meenung no eigentlech an der Zwëschenzäit an dësem Land vergiess ginn ass, mä deen awer enk mat där hei Geschicht zesummen hänkt an déi vill ze dinn huet mat de Begréffer Ethik a Moral, vun där d'Madame Delvaux virdrun zu Recht geschwat huet. Ech sinn der Iwwerzeegung, datt déi geféierlech Mentalitéit vun deem dote Beamten tëschent '84 an '89 an deem Ministère zimlech staark geherrscht huet an och souguer gefördert ginn ass.

Als Beweis dofir wëll ech erënneren un dat wat mer 1989 hu missen erliewen, dat heescht mir hunn et zwar méi spéit erlieft, mä dat wat 1989 an deem Ministère geschitt ass, nämlech d'Affär Jurado, wou dee Minister do, deen hei d'Responsabilitéit hat am Ministère - Dir kënnt Iech jo erënneren -, eng Spend entgéint geholl huet vu 50.000 Lëtzebuerger Frang, an déi Spend vu 50.000 Lëtzebuerger Frang huet en an d'Parteikeess ginn. Do ass näischt Verbuedenes dorunner, ganz sécherlech net, mä ech wëll Iech just awer emol eng Kéier rappeléieren, wat fir eng Mentalitéit datt vun deem Minister '84-'89 un den Dag geluecht ginn ass.

Fir dann awer zréck ze komme firwat ech mengen, datt dat schonn eppes ze dinn huet mat Ethik a Moral, och wéi ee sech verhält an engem Ministère, zitéieren ech aus engem Interview, wat den 22.11.1991 vun deem fréiere Minister gesot ginn ass: „Oui, j'ai touché un don de 50.000 Luf de la part de Monsieur Jurado, lors d'un déjeuner que nous avons pris ensemble, lui accompagné d'une amie et moi d'une de mes employées et d'un de mes fonctionnaires."

Dat ass de spréngende Punkt, well ech fannen et scho verwerflech genuch, wann ee Minister a senger Funktioun selwer, et ass net verbueden, et ass och net strofrechtlech zu Lëtzebuerg verbueden, ech kommen nach drop zréck wat een do misst maachen, mä am Moment ass et net verbueden, och haut nach net, mä wann ech awer hei scho liesen, datt net nëmmen de Minister eleng, mä ee vu senge Fonctionnairë mat op en Iesse gaangen ass, fir déi 50.000 Frang an Empfang ze huelen, a wann ech dann am Schluss liesen, datt „Cet argent je l'ai évidemment versé au fonds électoral de mon parti. Je ne me rappelle plus qui de moi ou de mon fonctionnaire a endossé le chèque."

Dat war 1989, dat war déi nämlecht Zäit, Dir Dammen an Dir Hären, wollt ech Iech soen. Da muss ech soen, dann erstaune mech awer verschidde Verhalensweisen net méi esou an deem Ausmooss, an da muss ech och soen, wann een iwwer Ethik a Moral schwätzt, da geet et awer mat Sécherheet bei deem dote Punkt un. An dann ass et fir mech awer ethesch a moralesch méi wéi verwerflech, net nëmme wann een iwwerhaapt esou eppes mécht, mä wann een dann och nach higeet an et hëlt ee Fonctionnairë selwer mat op esou een Iessen, an de Fonctionnaire selwer, dee jo dann hei, huelen ech un, e Parteigänger war, deen encaisséiert och nach de Scheck.

Do huet een definitiv de Kompass verluer, menger Meenung no, wou d'Statsraison ufänkt an d'Parteiraison ophält, respektiv wou d'Grenzen ze zéie sinn. A fir mech ass dat ee Mëssstand, do gehéiert et zum etheschen a moralesche Verständnis vun engem Parlament, wann een dat thematiséiert. An ech hoffen datt mer et fäerdeg bréngen, an deenen nächste Méint a Joren, endlech déi néideg Léieren aus all deene Geschichten do ze zéien. Well och deemools ass gesot ginn, vun alle Parteien, wéi dat doten diskutéiert ginn ass, datt et héich Zäit géif ginn, e Parteifinanzéierungsgesetz ze schafen. Datt mer mol géingen effektiv e Code de conduite an dat Parteiefinanzéierungsgesetz do dra setzen. Datt verschidde Kritären mol géinge festgeluecht ginn, zum Beispill wou d'Partei ufänkt a wou se ophält.

Dat war 1991; 1989 ass dat dote passéiert. Entre-temps duerno, am Kader vun der Santé hu mer dat nämlecht nach eng Kéier diskutéiert. Elo si mer 2003, mir hunn nach ëmmer kee Parteiefinanzéierungsgesetz. Mir hunn erëm en Ulaf geholl gehat kierzlecherweis, mir sinn awer net dozou komm. Ech hoffen datt mer et fäerdeg bréngen, 2004 endlech e Parteiefinanzéierungsgesetz ze kréien, well ech mengen datt an dat Parteiefinanzéierungsgesetz, oder dat Parteiegesetz, géif ech et léiwer nennen, net nëmmen d'Fro vun der Finanzéierung dra gehéiert, mä och wéi eng Partei a wéi hir Membere sech ethesch a moralesch ze verhalen hunn, an an deem Punkt rejoignéieren ech dann dat wat d'Madame Delvaux am Ufank hei gesot huet.

A wann een iwwert d'Reform vun der Verwaltung diskutéiert, da muss ee jo soen, hei hu mer jo och erëm e klassesche Fall, datt d'Kompetenzen oder d'Responsabilitéiten net kloer genuch definéiert sinn. Och hei wësse mer erëm net, wou d'Responsabilitéit vun engem Minister ufänkt a wou se ophält, respektiv wou dem héije Beamte seng ufänkt a wou se ophält. An och dat hu mer 1999 an der Santé en long et en large diskutéiert, an de Premierminister huet eis 1999 an der Ofschlossried hei gesot, hie géing a kierzester Zäit e Ministergesetz op den Instanzewee bréngen. Ee Ministergesetz, wou déi dote Saachen endlech mol géinge kloer gestallt ginn. Bis haut ass dat Ministergesetz nach ëmmer net do. Ech sinn awer der Meenung datt dat e wichtege Punkt ass, fir esou Geschichte wéi déi hei besser kënnen ze behandelen an der Zukunft.

Een zweete Punkt ass deen - an och dee gehéiert hei derzou, och wann en hei nëmmen indirekt derzou gehéiert - vun dem berühmte Cumul vun de Mandats, dee mir op villen Niveauen de Moment amgaange sinn ze diskutéieren. Och deen hätt een hei kënnen am Detail nach eng Kéier ënnert d'Lupp huelen an och deen, mengen ech, musse mer eng Kéier en toute sénérité ënnert d'Lupp huelen, an do geet et net drëms fir eenzel Beamten haut ze beschëllegen, mä do geet et awer drëms fir Strukturen ze schafen, déi déi ongesond Situatioun, déi mer awer haut virfannen, ze behiewen.

Een drëtte Punkt ass deen, datt mer endlech mussen eng Trennung kréie vu Politik an Administratioun. Fir mech ass et dat Normaalst vun der Welt, datt ëmmer erëm esou Saache wéi dat heite virkommen, wann déi Trennung vun der politescher Berodung par rapport zur Administratioun net endlech virgeholl gëtt. An d'Form wéi een dat herno mécht, do gëtt et der vill. Mir hunn eis och nach ni festgeluecht op iergendeng, mä et ass awer richteg wat den Här Gibéryen hei virdru gesot huet, et gëtt immens vill Länner op der Welt déi versicht hu Regelungen ze fannen, déi och zum Deel Regelunge fonnt hunn. Si si sécher och net perfekt, mä si sinn awer mat Sécherheet besser wéi deen Zoustand, dee mir am Moment zu Lëtzebuerg fonnt hunn.

An dofir hunn ech an der Commission d'enquête och hei erëm insistéiert, genau wéi mer et och scho gemaach hunn 1998 bei der Santé, a genau esou wéi mer et och schonn an aneren Dossiere gemaach hunn, déi e bëssen ähnlech gelagert waren, andeem mer verlaangt hunn datt déi Trennung vu Politik an Administratioun kënnt.

Deen deen do den Direkter ass oder den Administrateur général, oder wat och ëmmer, deen ass just dofir do fir derfir ze suergen, datt de Stat seng neutral Funktioun kann erfëllen, datt d'Administratioun neutral funktionéiert, datt se dat ëmsetzt natierlech wat de Pouvoir politique décidéiert, a fir de Rescht par rapport zu den Administréen an enger neutraler an uerdentlecher Aart a Weis derfir suergt, datt d'Administréen uerdentlech behandelt ginn.

An dat verdréit sech schlecht mat politesche Funktiounen, well effektiv natierlech d'Parteie sécherlech am Intérêt vum Stat, ech hoffen et zumindest, insgesamt handelen, mä Parteien nun ebe mol Parteie sinn an awer parteispezifesch Intérêten hunn, an dofir mengen ech datt déi Trennung do endlech muss kommen.

Dee véierte Punkt ass sécherlech net d'Fro ob hei en Organigramm do war oder net, mä eent muss een awer kënne feststellen, dat ass datt, wéi hei d'Kompetenzen opgedeelt waren, dat alles aneschters war wéi et hätt misse sinn, well eleng déi widderspréchlech Témoignagen, déi mir hate vun eenzelne Beamten am Ministère, hunn dat bewisen, an och eleng de Fait datt den aktuellen Transportminister '99, wéi en an d'Amt komm ass, en Audit an deem Ministère an Optrag ginn huet, beleet eigentlech, datt d'Kompetenzen oder zumindest d'Opdeelungen net esou optimal ware wéi se dat hätte misse sinn.

Iwwert den Dépassement vun den Delaien an der Enquête pénale wëll ech net méi agoen, well dat vun anere Kolleegen hei schonn en long et en large skizzéiert ginn ass. Deem wëll ech mech just nëmmen uschléissen.

Iwwert den Aspekt Reform vun der Enquête parlementaire sinn ech och averstane mat deem wat am Rapport steet, an et ass effektiv esou datt fir meng Begréffer een eng Enquête parlementaire sécherlech net brauch fir Riichter ze spillen. Dat ass net de Sënn an den Zweck; dofir si mir net do. Mä et brauch een eng Enquête parlementaire, och mat besonnesche Befugnisser, fir kënnen a politeschen Dossieren ze enquêtéieren. Och do gëtt et Modeller, et gëtt de Modell an Däitschland am Moment, et gëtt de Modell an der Belsch an a Frankräich. Et soll ee sech dat ukucken, den Här Bodry huet jo entre-temps eng Proposition de loi gemaach, wat do am beschten an eise Kader erapasst, an dann déi Reform do virhuelen.

Et ass en Deputéierte ginn, deen huet elo kierzlech - Dir Dammen an Dir Hären, elo kommen ech zu menger Konklusioun - gesot, an engem anere Kontext mat engem anere Gesetz: „Der Berg gebar eine Maus." A fir mech ass awer kloer, wat d'politesch Konklusiounen ubelaangt an d'Recommandatiounen, déi hei an dësem Rapport drastinn - ech schwätzen net vum éischten Deel vum Rapport -, do ass et esou gewiescht, datt der Berg eine Maus gebar. An dat ass kee Reproche un den Här Graas, dee sécherlech seng Aarbecht als Rapporteur uerdentlech gemaach huet, mä dat ass awer e Reproche un eenzel politesch Parteien, déi herno net méi de Mumm haten, menger Meenung no, fir eng Rei Saache méi onmëssverständlech a méi kloer an deen Text hei dranzesetzen.

An als Virkonklusioun wëll ech nach eng Kéier de John Castegnaro zitéieren, dee relativ fréi gesot huet, den 8.2.2002, um Hannergrond vum Dossier Kralowetz, an ech zitéieren: „Il n'y a pas la volonté politique de faire la vérité… je crois que c'est parce qu'il y a trop de gens mêlés à ce dossier."

An ech mengen datt dat hei sécherlech zoutrëfft. Et war herno ganz kloer, an däitlech ass eraussgaangen an den Ofschlossdiskussiounen, virun allem bei de politesche Recommandatiounen, datt hei verschidde Parteien net frou gewiescht wären, wann ze vill am Detail iwwer Saachen diskutéiert gi wär. An ech fannen dat schued, well ech fannen och, wann een e Feeler gemaach huet, a keen ass onfeelbar, da fält kengem en Zack aus der Kroun, wann een herno och bereet ass a politesche Konklusiounen a Recommandatiounen dee Feeler anzegestoen. Well et ass jo zu kengem Moment emol an der Kommissioun eppes verlaangt ginn, wat engem sollt een Hoer krëmmen. Wann elo, ech weess net, Gott weess wat verlaangt gi wär, par rapport zu eenzelne politesche Responsabelen, hätt ech déi Ofwierhaltung nach verstanen. Hei ass et jo reng emol dorëms gaangen, awer zumindest de Courage ze hunn ze soe „was Sache war" an deene leschte 15 Joer, an dann eng Rei Pisten opzezeechnen, wéi et an Zukunft net méi sollt goen.

Dat ass net gemaach ginn. Hei si mer dovun ausgaangen, datt iwwert d'Kralowetz-Affär scho genuch Gras gewuess ass, an do ass eng Vernebelungstaktik ugewannt gi vun deenen eenzelnen, déi hei eng Responsabilitéit hunn, an dofir si mir der Meenung als Gréng, datt déi 14 Méint zum Deel gutt Aarbecht, déi geleescht ginn ass vun deene Kommissiounen, eigentlech am Endeffekt leider net vill erausbruecht huet. Mir wäerten awer um Ball bleiwen, mat eise bescheidene Mëttelen, fir ze versichen, an deem däregen Dossier hei, ëmmer erëm zréckzekommen op déi Froen, déi hei ze stelle sinn.

Här President, ech wëll just nach ofschléissend eng aner Motioun déposéieren. Dat ass eng Motioun, déi hat ech och an der Kommissioun…

Här President, ech gesinn, den Här Weiler ass am Zwiegespréich mam Här Di Bartolomeo an dem Här Bodry. Ech hat mech zwar elo just un hien adresséiert.

Ech wollt soen, Här Weiler, dass ech an der Kommissioun nach eng Motioun déposéiert hat, an déi ech alle Fraktiounen och zoukomme gelooss hat, wou ech frou gewiescht wär de Feedback ze kréien, ob se se wéilten ënnerschreiwen oder net. Do geet et nämlech ëm déi Fro vun der Trennung vum politesche Beroder par rapport zum administrative Mënsch an der ieweschter Carrière beim Stat.

Ech hu kee Feedback vun Iech kritt. Dee Silence administratif, deen ech vun Iech do kritt hunn, wäert sécher bedeiten, datt Der se net wäert ënnerschreiwen. Dofir hunn ech och elo scho fënnef Ënnerschréfte vun eiser Fraktioun hei drënner. Ech wëll se dann awer hei och déposéieren, Här President.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la politisation de l'administration est un phénomène inacceptable dans un Etat de droit;*

*- considérant que l'une des obligations premières de l'administration publique doit être d'assurer le traitement égal, neutre et impartial de toutes les personnes administrées, alors même qu'elle doit transposer des directives à caractère politique et général;*

*- considérant que le respect de ces principes s'avère pratiquement impossible, surtout au plus haut niveau de l'administration;*

*- considérant que pour ce faire, il convient de séparer, au plus haut niveau de l'administration, les missions à caractère politique de celles à caractère purement administratif;*

*- considérant que les membres du Gouvernement doivent pouvoir bénéficier d'un cabinet en charge des missions à caractère politique;*

*- considérant que cela implique la recherche de solutions nouvelles au Grand-Duché;*

*invite le Gouvernement*

*- à oeuvrer dans le sens de la création d'un cadre légal permettant aux membres du Gouvernement de disposer d'un cabinet ministériel composé de personnes ayant des missions à caractère politique;*

*- à prévoir que la durée de l'engagement de ces personnes se limite à la durée de la fonction exercée par leur ministre;*

*- à ne pas conférer aux membres des cabinets ministériels des pouvoirs décisionnels à caractère administratif.*

*(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Et ass iwwregens och net fir d'éischt datt mer déi déposéieren, an ech fäerte ganz, wann ech de politesche Courage gesinn dee mer hei hate bei de Recommandatiounen um Schluss, datt et och nach net fir d'Lescht wäert si wou ech se wäert déposéieren.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt e puer Remarken zu deem bäidroe wat d'Madame Delvaux gesot huet, aus der Siicht vun engem deen an der Kommissioun dra war, wou si awer de Bléck geworf huet vun engem vu baussen an deen och dat Ganzt mat erlieft huet virdrun.

Ech wëll hei dem Rapporteur fir seng korrekt Duerstellung merci soen an och haaptsächlech dem President merci soe fir déi korrekt Aart a Weis wéi en déi Kommissioun gefouert huet. E schéngt e gewëssent Geschéck ze hunn, dat e manifestement a senge Fräizäitaktivitéiten oder zumindest am Gaart net huet, soss hätt en net dat Zeechen op sengem Bak.

***(Hilarité)***

Mä, blague à part, mir waren hei befaasst mat enger Affär déi, wéi vill Leit, eng Commission d'enquête benoutwendegt huet. Eis Fraktioun huet au départ gesot, dass mir hei wäerten derfir stëmmen, mä et ass net eis Meenung, dass dat dat richtegt Instrument wier, weder um Niveau wou et ugesiedelt ass, nach als praktescht Instrument fir an dëser Affär virzegoen.

Mir hu gesot mir géinge keng Obstructioun maachen an där doter Saach, mä mir hu vun Ufank u gesot dass mer net favorabel wieren. An ech muss Iech éierlech soen, wann een d'Resultat kuckt wat dobäi erauskomm ass, an ech fuerdere jiddferee vun eise Kolleegen a Kolleeginnen heibannen op, ze kucke wéi dee Rapport zustane komm ass, da froen ech mech, ob dofir eng Commission d'enquête als Instrument dat Richtegt war. Ech stellen déi Fro an ech iwwerloosse jiddferengem déi Aschätzung.

A wann een och d'Débaten hei héieren huet, da gesäit ee wéi schwiereg dass et ass, an enger Matière wéi där do, och op eng Eenegung hinzegoen. Ech muss soen, d'Meenunge sinn hei wäit ausenaner gaangen an ech kann

op eenzelne Punkten och Verständnis bréngen, dass ee mol eng aner Aschätzung huet.

Dir kënnt Iech virstellen, dass ech awer recht wéineg Verständnis hunn, wann hei elo nach reng humoristesch Einlagen op der Tribün kommen, an enger Fro wou mir eng Commission d'enquête gemaach hunn. Ech muss soen, vill Leit hunn heibanne gelaacht, vill anerer schéngen dat och lëschteg ze fannen. Ech muss soen, an enger Commission d'enquête, a bei deene Resultater déi hei diskutéiert gi sinn, fannen ech, dass et net d'Plaz ass fir Cabaretsoptrëtter, an ech iwwerloossen och do jiddferengem seng Aart a Weis virzegoen.

Ech muss just soen, dass dat net just de Seriö vun den Aarbechte vun eenzelne Leit ënnersträicht, wa se op déi Aart a Weis virginn.

Eng vun eisen Approchen, firwat dass mer mat der Commission d'enquête net frou waren, war, well zu gläicher Zäit eng Affär um Geriicht unhängeg war. A well, iwwert deen administrativen Deel ewech, mer gesot hunn: Dir wäert gesinn, mir si permanent just op der Messersschneide, dass mer erëm am penalen Dossier sinn an dann erëm am verwaltungstechneschen Dossier. Dat war permanent de Fall an dat huet een och hei gesinn. An ech muss Iech soen, eis Partei huet vun Ufank u sech verwiert an deenen Diskussioune matzemaachen a war och strikt dergéint, dass herno an de Rapporten eenzel Elementer dovunner sollten ënnerstrach ginn.

Wann ech dem Här Gibéryen hei nolauschteren, huet hien eng ganz Rei Saachen aus dem Geriicht - Plumitifen zum Deel - hei op der Tribün erzielt. Aus Respekt vum éischte Pouvoir vis-à-vis vum drëtte Pouvoir musse mir einfach soen: All déi Saachen, déi do opgezielt gi sinn, huet d'Geriicht jugéiert mat engem ganzen Apparat vu Police judiciaire, mat engem Parquet an a laange Wochen, net nëmmen Instructioun, mä och a laangen Audienzen. A si sinn zur Konklusioune komm, an ech gesinn net a firwat dass mir als éischte Pouvoir eis hei dauernd deem drëtte Pouvoir substituéieren, fir deem nozeweisen, dass en a senge Konklusiounen, laut den Aussoe vun enger Rei vun Deputéierten, net richteg louch.

Ech fannen dass mir eis dat net kënnen umoossen. Mir wäerten dat net maachen. An ech fannen dass et eng ganz gefäierlech Gratwanderung war, déi eenzel Kolleegen hei probéiert hunn.

Besonnesch muss ech och soen, wann een op d'Affär Ferro zréckkënnt, wou mir wierklech der Meenung waren, nodeem dass den Här Graas schonn eng ganz Rei Elementer opgrond vun Diskussiounen an der Kommissioun agebaut huet, a wou mer gesot hunn: Et ass dach onméiglech, dass mir, d'Commission d'enquête, déi hei e Rapport solle maachen iwwert dat wat mir gesinn an héieren hunn, a wat eis Konklusiounen doraus wieren, elo op eemol ganz Zitater aus Berichter beim Untersuchungsriichter - och nëmmen deelweis - géingen huelen an déi do erabréngen, während mir mam Här Ferro net eng eenzeg Minutt geschwat hunn. Ech wäert iwwert déi Affär Ferro kee Wuert soen elo, als Beuerteelung, well ech der Meenung sinn, dass mer eis hätte sollen un dat hale wat d'Geriicht gemaach huet. Ech si frou dass herno am Rapport dat alles gestrach ginn ass, mä eenzel Leit hu gemengt, si missten sech dem drëtte Pouvoir an där dote Fro substituéieren.

Ech muss och soen, dass ech d'Appréciatioun vum Här Rippinger net weider vill muss kommentéieren. Ech sinn allerdéngs einfach erstaunt iwwer eenzel peinlech Aussoen, eenzel absolut Contradictiounen, déi hien als Jurist awer trotzdeem hei ervirbruecht huet, wou e vun der Présomption d'innocence op där enger Säit geschwat huet, an dann op där anerer Säit awer gemaach huet, wéi wann een alles hätt kënne bewierke fir do gréisser Ëmännerungen erbäizeféieren. Dat kann ech schlecht novollzéien an dat ass fir mech och schlecht verständlech.

Wa mer higinn a mir befannen eis an engem Rechtsstat a mir sinn der Meenung dass dee gewësse Regelen huet, jo da musse mer déi och anhalen, och wa se eis net passen. An déi Aart a Weis wéi eenzel Leit, an notamment och hien, d'Aschätzung hei vun enger Enquête administrative vun engem Beamte mécht, deen näischt mat engem Ministère ze dinn huet, wann dee seng Aarbecht gemaach huet, a fir hei iwwert deen hierzefalen, wéi dat haut de Fall war, dat fannen ech einfach net an der Rei. Entweder schafe mer dat Instrument of, oder mir soen, wa mer esou eppes maachen, da mussen déi politesch Verantwortlech dat zur Kenntnis huelen. A wann deen zu deene Konklusioune kënnt, da kann ee vläicht dat nach ënnerlech bedaueren, mä wann een dat awer hei uprangert, an dass doropshin d'Ministeren hätte missten aneschtes virgoen, well dat keng seriö Konklusioune waren, da verstinn ech näischt méi vun der Aart a Weis wéi mir awer probéiert hunn dee Stat hei opzebauen, wou en neutrale Beamten, e Beamten, deen näischt domat ze dinn huet, eppes soll aussoen.

An wann dat, wat deen dann ausseet, iwwerhaapt net méi fir eescht ka geholl ginn, majo, wou si mer dann, wéi wäit si mer dann, a wat kënne mer da muer nach ënnerhuelen? Da si mer jo awer am Arbitraire, wa mer nun awer wierklech net méi kënnen dorobber goen.

Déi vill Clignotanten, déi ugeschwat gi sinn, et ass jo awer net esou dass keng Kenntnis dovunner geholl ginn ass, mä ech muss Iech soen, wann awer elo permanent missten d'Ministere just op Grond vun Zeitungsartikelen, och nach aus der Oppositiounspress, gréisser Ëmwälzungen a Ministèrë virhuelen, da géing et awer Freed ginn, och fir déi Regierung, déi haut do ass.

An ech muss soen, wann Enquêtes administratives sinn, wa Perquisitioune sinn, dann ass dat eng eescht Saach, domat sinn ech d'accord. Mä et ass jo awer hei net esou gewiescht, dass doropshi guer näischt geschitt ass. Mä et ass einfach esou, dass de Minister gefrot huet, fir Kenntnis ze kréien, wat dann do derhannert ass. An d'Äntwert, déi dee Minister deemols krut huet, ass déi, dass de Secret de l'instruction eis emol net erlaabt ze soe wat mer enquêtéieren, firwat mer enquêtéieren, a wat derhannert ass. Dat ass d'Äntwert, déi hie krut huet, an da verstinn ech einfach net, wéisou dass deemselwechte Minister dann op eemol muss virgeworf ginn, dass deen net agéiert huet.

Dat just fir ze weisen, dass et sou einfach awer nu wierklech net ass. Mir hunn dat an engem Rapport festgehalen, a wann dee Rapport an Zukunft iwwerhaapt näischt méi wäert ass, da solle mer dat soen, da kënnten nämlech Leit wéi den Här Graas sech dat spueren.

Här Rippinger, mat Ären Aussoen hei sidd Der a flagranter Kontradiktioun mat deem wat Der gestëmmt hutt am Rapport. Ech zitéieren Iech aus dem Rapport: „En pratique aucun ministre ne saurait suivre et surveiller l'ensemble des procédures administratives dont il porte en dernier ressort la responsabilité. Il a besoin de pouvoir faire confiance dans ses plus hauts fonctionnaires s'il veut assumer correctement la direction politique de son département". Dat hunn eis Leit gemaach, an Dir werft hinnen dat vir, awer zu gläicher Zäit gitt Der hin a sot am Rapport zu deenen dote Punkten: „S'il est vrai qu'un ministre peut définir des procédures administratives, il ne doit cependant pas intervenir dans les actes administratifs individuels au risque de soulever des suspicions de favoritisme politique. C'est ce qu'ils ont fait". An elo heihinner ze kommen a just de Contraire ze erziele vun deem wat een am Rapport awer matgestëmmt huet, dat ass, muss ech soen, net grad eng flott a propper Aart a Weis virzegoen.

Ech muss soen, dass et hei permanent zu Vereinfachunge komm ass an der Duerstellung. Wann dat jo alles esou einfach gewiescht wier, wéi mir eis dat virstellen, da froen ech mech, firwat dass et elo haut nach Bréifwiessele gëtt tëschent de Classes moyennes an dem Transport. Mir hunn haut nach eng Kopie krut doriwwer, wou ech mer absolut bewosst sinn, dass esoubal vill Ministèrë betraff sinn an hirer Kompetenz, dass et net evident ass, an dass e Comité interministériel net muer all déi Solutioune ka fannen. Mir hunn d'Kopie krut vum Bréif vum Classes-moyennes-Minister, deen en un de President geschéckt huet, mat engem Bréifwiessel, dee weist, dass eng Solutioun gesicht gëtt. Och virdrun ass se gesicht ginn. Et kann een dach net behaapten, dat wier net de Fall gewiescht, mä et weist awer och d'Komplexitéit an der Aart a Weis fir zu enger Solutioun ze kommen, esou bal d'Kompetenzen opgedeelt sinn, an ech wëll einfach drops hiweisen, dass et hei Vereinfachungstheorie gi sinn.

Et ass beispillsweis menger Meenung no eng Vereinfachungstheorie ze schwätzen hei vun deene ville Procès-verbaux, déi vun der Gendarmerie festgestallt gi sinn, an déi och festgehale gi sinn. Elo ass et jo awer esou, an dat hunn och um Internetsite vun der Regierung déi Leit, déi déi Pressekonferenz, a mat Recht hu se dat gemaach, geschriwwen: „Il incombe de préciser que le Ministère des Transports ne peut décider du retrait ou du refus du renouvellement pour manque d'honorabilité professionnelle de la licence communautaire, et/ou des copies conformes de celle-ci, qu'en cas d'irrégularités graves et répétées dûment constatées par qui? Non pas par la gendarmerie, mais par décision de justice". Dat seet d'Regierung selwer op hirem Internetsite. Et ass par Décision de justice wou's de kanns ufänken ze agéieren.

Or, där ass et keng ginn zu deem Zäitpunkt. Dat kann ee bedaueren, mä dat war esou, an dat brauch ech jo awer de Juristen heibannen net ze soen, dass den Officier de police judiciaire deen ass, dee esou eppes ka feststellen, an deen huet d'Obligatioun dat doten un de Parquet ze ginn. An de Parquet jugéiert an deem Moment d'Opportunité des suites à donner à ce dossier. A wann e Complément muss kommen, dann ass et esouguer den Untersuchungsriichter, deen et muss maachen, mä et ass net den Transportministère an et sinn net d'Classes moyennes an et ass kee vun deenen, deen dat ka maachen.

D'Regierung selwer kënnt zu där Konklusioun. Net mir hei an der Commission d'enquête, net mir als Partei kommen dorobber. Da kann een dach net am selwechten Otemzuch wierklech an engem Vereinfachungsoptrëtt hei maachen, wéi wann dat deemools alles hätt kënne vum Minister gemaach ginn. Hei ass et ganz kloer, dass déi Leit, déi dat constatéiert hunn, hätte kënne Kopië schécken un de Ministère des Transports; dat ass richteg. „Mais qui doit agir en premier lieu?" Dat ass d'Justiz, an et ass sur Décision de justice - dat hunn net ech gesot, dat seet d'Regierung -, wou ee ka jugéieren.

Et sinn e puer esou Saachen, déi mech franchement gestéiert hunn, well ech mengen, dass hei awer trotzdeem Saache verdréit gi sinn, a fir dann ze schwätze vun engem Augiasstall, dat fannen ech einfach e Manque de sérieux, e Manque de sérieux total. Ech weess net, ob den Här Grethen wierklech d'Impressioun huet, dass en en Augiasstall virfonnt hat. E muss dat da mat der Madame Delvaux ausmaachen, mä ech ka mer dat schlecht virstellen.

Ech mengen, déi eenzel Ministeren hu probéiert, a mir kënnen apprécéieren, ob se dat genuch, ze wéineg oder wéi se et gemaach hunn, mä awer hei ze behaapten, an engem Ministère, wou esouvill Fonctionnairë schaffen, déi awer nun, huelen ech un, an dat hu mir jo awer héieren, probéieren hiirt Bescht do ze ginn, dass mer do vun engem Augiasstall schwätzen, dat fannen ech einfach am leschte Grad onseriö, an dat passt einfach net an déi Diskussioun hei.

Och e Wuert zum Organigramme, mat deem mer eis esou laang ausenanergesat hunn.

Éischtens stellen ech fest: Et sinn der ginn. Zweetens stellen ech fest, dass och en Organigramm net alles ass. Mir hunn eng Délégation de compétence a mir hunn eng Délégation de signature Et ass evident gewiescht, wien a leschter Instanz d'Responsabilitéit fir déi Décisioune geholl huet, déi an deem Service ze huele waren. Et war iwwerhaapt keen Zweifel, an en Organigramm war dofir guer net noutwendeg fir ze wësse wien a leschter Instanz do déi Autorisatioun ausgestallt huet. Wien d'Décisioun dofir geholl huet war evident, dat war deen héije Fonctionnaire, dee responsabel vun deem Service war. Also gesinn ech net an, firwat dass mer eis hei op esou eppes versteiwen. Ech gesinn et nach vill manner an, wann ech dat kucke wat herno wierklech festgehale ginn ass, d'Corruption passive vun deem Beamten, ob en Organigramm, ob eng „job description", ob iergendeppes an där Präislag dat doten évitéiert hätt. Dat hätt dat Null Komma Null évitéiert.

Da muss ech och nach e Wuert soen - leider - zum Här Rippinger. Här Rippinger, Dir hutt d'Méiglechkeet gehat an der Kommissioun quasi retroaktiv d'Démissioun vun deene Ministeren ze froen, déi Der inkriminéiert hutt. Dir hutt gesot: Si sinn net méi do, soss hätt ee se kënne froen.

***(Interruption)***

Entweder hutt Der de Courage, an da bréngt Der dat era wat Der ze soen hutt, mä da gitt net hin, an Dir wëllt Iech substituéieren hei engem Wieler, deen herno a leschter Instanz décidéiert, wat fir eng Partei an eng Regierung kënnt, an och duerch säi Vote ausdréckt wiem hien d'Vertraue schenkt. Ech fannen et eng Umoossung sans pareil, wann hei een ënnert de Kolleegen, esouguer heibannen, ufänkt Exklusiven auszeschwätze géint een, deen net méi dierf eng gewësse Funktioun ausüben. Wann ech där Meenung sinn, da soll ech dat hei erabréngen, an da soll ech dat an där Form ausdrécken. Wann net, da soll ech mech engem däraartege Kommentar enthalen.

Dann e Wuert zu de politesche Beamten. Hei ass jo dauernd gemaach ginn, wéi wann de Jean Morby dann elo de Conseiller politique vum Minister gewiescht wär. Dat ass jo absolut net wouer, dat war en iwwerhaapt net.

***(Interruptions diverses)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Wann den Här Schlechter den Här Morby net hei aus der Chamber mat erausgeholl hätt…

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här Bausch, wann ech fäerdeg sinn dierft Der Äre Kommentar ginn. Ech hätt gären, dass ech meng Ausféierunge ka weiderféieren, da mierkt Der et. Politesche Beamte war de Jean Morby héchstens e puer Méint wou de Marcel Schlechter e mat an de Ministère geholl huet. Duerno huet de Marcel Schlechter en net méi considéréiert als solchen an hie war responsabel fir den Transport international routier. Hie war u sech e Conseiller wéi déi aner Leit och.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wann een an där richteger Partei ass.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Et huet guer näischt domadder ze dinn. Dat do ass jo peinlech. Lauschtert! Et gëtt Leit, déi sinn aktiv an enger Partei. Et gëtt Leit, déi hunn…

***(Interruption)***

M. le Président.- Loosst dach de Riedner schwätzen! Dir kënnt jo herno Stellung huelen. Här Krecké, fuert weider.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Merci, Här President.

Ech muss soen, et ass dach peinlech hei esou driwwer ze schwätzen, wa Leit, déi an der Fonction publique schaffen, och nach an héije Funktioune gegebenenfalls sinn, ouni dass se dofir politesche Beroder musse sinn, eventuell e politescht Mandat hunn, sief et an enger Partei, sief et e politescht Mandat an enger Gemeng.

Wësst Dir wéivill Leit ech Iech kéint opzielen, déi e politescht Mandat hunn an och beim Stat très haut placé sinn? Mä ech werfen deenen awer garantéiert net vir, si géingen dat iergendwou mëssbrauchen. An ech muss soen, ech fannen, dass mer jiddferengem de Bénéfice du doute mussen zoukomme loossen. Hien huet e Mandat an enger Gemeng gehat, a wann dat elo duergeet, fir als Conseiller politique dohinner gestallt ze ginn, da muss ech Iech soen, da sinn der nach vill, déi deen Titel misste kréien. Dat wär ongerecht, an ech fannen, dass mer en Amalgam hei maache vun engem Problem, deen awer reell ass.

Dee Problem, dee reell ass, ass deen, ob Leit, déi a Conseillersfunktioune sinn, op éiweg Zäit mussen do bleiwen, an ob déi vun deem nächste Minister noutgedrongen - ech schwätze vun de Conseilleren - mussen an der Funktioun als Conseiller iwwerholl ginn, ob et net d'Recht kéint si vun engem Minister dass en déi Rei Conseilleren, déi a Fro komme fir hien, kéint selwer nennen aus der Administratioun eraus, déi da Conseiller du Ministre sinn esou laang wéi hien, a wann hien net méi do ass oder hie se net méi wëllt oder den nächste se net méi wëllt, ils réintègrent leur rang.

Iwwer esou eppes kënne mer roueg schwätzen, dat géing ech ganz normal fannen, an ech géing och soen, dat géing vill Kritiken, déi am Moment kommen, a vill Schwieregkeeten, déi opgetaucht sinn, net nëmmen an dësem Fall, mä déi mir schonn oft begéint hunn, évitéieren, well wat mir gemierkt hunn, a mir soten dat jo, wann d'Vertrauen ee Moment eventuell net méi do ass - ech schwätzen emol net vun dëser Saach, mä vun aneren Affären och -, da muss dee Minister jo och d'Recht hunn sech eventuell en anere Conseiller ze huelen. Domat schwätzen ech net vun den Administratiounen, ech schwätzen net vun der Fonction publique als solch, ech soen, dass et Conseillere vum Minister sinn, déi een awer wierklech anescht kéint behandelen.

E lescht Wuert, Här President. Ech hunn aganks gesot, dass ech fannen, dass deen Outil, dee mir hunn als Commission d'enquête, net appropriéiert war fir dat, wat mer behandelt hunn, an d'Resultat weist, dass dat en Hummer ass mat deem mir op eemol operéiert hu fir trotzdeem klenger Saachen. Entweder gi mer hin a mir reformëieren zum Deel den Droit d'enquête, dee mir hunn, a mir kéinten eis do

virstellen, dass ee beispillsweis an de Commissions spéciales géing aféieren, dass déi Leit, déi dohinner kommen, ënner Eed aussoen, fir sécher ze stellen, dass se éischtens emol kommen, an zweetens dass se och zu deem, wat se aussoen, musse stoen a wëssen, dass hannendrun och Sanctioune sinn, wa se dat net maachen. Mä dass mir eis wëllen umoossen, an enger ganzer Rei Affäre quasi virzegoe wéi e Juge d'instruction, do fillen ech mech total iwwerfuerdert als Politiker, fillen ech mech net a mengem Rôle, fillen ech mech net à l'aise, an ech muss soen, déi ganz Démarche, déi mer an der Commission d'enquête haten, huet mech au plus haut point gestéiert, well mer net d'Reflexer hunn, net d'Erfahrung hu vun deene Leit, déi esou Instruktioune maachen, also vun engem Juge d'instruction, mä domat iwwerfuerdert sinn an eis solle beschränken op reng administrativ a politesch Froen, an net wéi an dësem Fall, wou mer permanent, an dat huet den Débat jo gewisen, ëmmer erëm am penalen Dossier waren, ëmmer erëm op de Plate-bandë vun der Justiz, dass mer dat solle si loossen. Also: D'Commission d'enquête eropschrauwen a se nëmme fir grouss Saachen huelen, an d'Commission spéciale eventuell mat der Méiglechkeet, dass d'Leit musse kommen an ënner Eed mussen aussoen.

Dat sinn déi puer Remarken, déi ech aus menger Siicht an aus der Erfahrung vun deem, wat ech an där Commission d'enquête mat erlieft hunn, wollt un Iech bréngen, mä fir de Rescht huet d'Madame Delvaux eis Stellungnahm zu deem méi spezifesche Fall hei gesot. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Transportminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung huet de Rapport vun der Commission d'enquête zur Kenntnis geholl mat senge Konklusiounen, deene majoritairen an deene minoritairë Konklusiounen. Mir wäerten doraus eis Konklusiounen zéien, falls et noutwendeg ass der doraus ze zéien.

Ech wollt der Chamber soen, dass ech ausdrécklech wéilt dee Fonctionnaire, deen 1990 déi Enquête administrative huet misse maachen, hei a Schutz huelen. Deen héije Fonctionnaire konnt näischt anescht maachen - well e keng aner Pouvoiren hat -, wéi dat wat erauskomm ass. A wann dat Resultat deemools esou war, da war et och, well dee Beamte keng aner Pouvoiren hat, fir seng Enquête ze maachen. An et koum jo duerno eng Enquête vun der Justiz, déi zu deene Konklusioune gefouert huet, déi virun e puer Méint d'Geriicht an dëser Affär geholl huet, Enquête, déi wierklech weder fir de Lëtzebuerger Stat nach fir d'Lëtzebuerger Fonction publique eng Stärstonn ass, well dat, wat do geschitt ass, hätt net dierfte virkommen.

Här President, ech wollt ganz kuerz Stellung huelen zu deenen zwou Motiounen. Déi éischt Motioun, déi eng optimal Collaboration interministérielle vun der Regierung verlaangt, do wëll ech soen, dass an dëser Regierung, déi zënter dem 7. August 1999 am Amt ass, d'Collaboration interministérielle excellent funktionéiert. D'Resultat vun där Zesummenaarbecht huet jo och dës Chamber kritt an huet sech, wat dësen Dossier ugeet, an enger ganzer Rei vu Gesetzer artikuléiert. Ech wëll nodrécklech soen, dass d'Kollaboratioun, souwuel mat mengem Kolleeg dem Aarbechtsminister wéi och mat mengem Kolleeg Fernand Boden, zoustännege Minister vun de Classes moyennes, excellent ass, an dass mer zesumme versicht hunn an dësem schwieregen Dossier Neel mat Käpp ze maachen.

Ech si mer bewosst, dass een ëmmer erëm muss deen Dossier nokucken, dass een ëmmer erëm eenzel Situatioune muss nokucken, dass Entreprisen, déi haut an der Rei sinn, muer vläicht net méi an der Rei sinn, an dass een also muss e permanente Suivi maachen, a mir maachen deen och.

Ech ka mech awer net där Propositioun ralliéieren, fir en Observatoire national des transports routiers ze instituéieren. Mir hunn net esou vill Beamten, fir dat alles ze maachen. Ech wëll awer d'Chamber drop opmierksam maachen, dass mer all Joer e Rapport d'activités ofginn, an dass an deem Rapport d'activités och iwwert den Dossier vun de Lizenze bericht gëtt, och vun de CEMT-Lizenzen. An do kann een et nach méi komplizéiert maachen, well et gëtt och nach CEMT.A-Lizenze fir Éisträich. Selbstverständlech stinn den Transportminister a seng Beamten der Chamber an där zoustänneger Kommissioun zur Verfügung, fir eng Analyse détaillée vun deem ze maachen, wat an deem leschte Joer gemaach ginn ass. Dofir géif ech d'Chamber bieden d'Motioun 1 ofzelehnen.

Wat d'Motioun 2 ugeet, Här President, esou wëll ech aus menger Erfahrung vu knapp véier Joer an der Regierung soen, dass d'Institution vu „politesche Beamten" vis-à-vis vun administrative Beamten eis Problemer net léisst, dass ee just wéi et an anere Länner, zum Beispill an der Belsch de Fall ass, en Elefantekierfecht herno huet, wou een net méi weess, wou een déi eenzel Leit, déi vläicht just dee Moment net an der Gnod si vun deem Minister, net d'Vertrauen hu vun engem Minister, soll hiparken, oder wat ee mat deene soll maachen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg Fonctionnairen, déi no beschtem Wëssen a Gewëssen a mat ganz vill Asaz hir Aarbecht maachen an deene verschiddene Ministèren. Mir sollen deene Vertraue schenken. Wa sech ee Problem stellt, da si mer jo och Maans genuch, fir deen ze léisen.

Mir hunn d'Institutioun vum Conseiller de Gouvernement. Deen ass net an engem Ministère, dee ka vum Premier an een anere Ministère oder an eng Verwaltung, wann et muss sinn, transferéiert ginn. Ech mengen also och, dass mer déi politesch Beamten net brauchen, well do droe mer nëmmen zu enger zousätzlecher Politiséierung vun eiser Verwaltung bäi. Wann ee wëllt an esou eng Richtung goen, muss ee sech iwwerleeën, ob een net eng Regierung e bësse méi grouss mécht, mat Statssekretären, fir sech d'Aarbecht ze erliichteren. Ganz besonnesch denken ech do un déi Aarbecht, déi op eis an deenen nächste Joren nach verstäerkt um europäesche Plang zoukënnt, wou et wichteg wär, dass een zu méi als Regierungsmembere Lëtzebuerg am Ausland kéint vertrieden.

Mä ech mengen net, dass dës Propositioun eis Problemer géif léisen, dofir géif ech och der Chamber suggéréieren, déi zweet Motioun ofzelehnen.

M. le Président.- Den Här Bausch freet nach d'Wuert.

***Motions***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wollt just kuerz Stellung huelen zu deenen zwou Motiounen.

Wat déi éischt ugeet, sinn ech awer der Meenung, dass een déi muss oprechterhalen, well ech einfach och weess, wéi et an der Politik funktionéiert, datt wann een net eppes wéi dat heite gewëssermoossen institutionaliséiert, nodeem, wat jo awer hei geschitt ass, et ass jo net eppes Klenges hei passéiert, da riskéiere mer iergendwann awer erëm dat Ganzt aus den Aen ze verléieren. Mir wësse jo awer, dass an deenen nächste Joren nach vill muss geännert ginn op deenen eenzelnen Niveaue vun der Gesetzgebung an och vun de Kontrollmechanismen. Dofir géing ech et wichteg fannen, dass awer esou eppes installéiert gëtt.

Ech mengen elo net, dass deen Observatoire e groussen Apparat soll ginn. Dat ass sécherlech net noutwendeg. Ech mengen, dass dat misst méiglech sinn ze maache mat deene Leit, déi haut an de Ministèrë sinn.

Zu der zweeter Motioun wëll ech just dem Här Grethen soen, dass et ebe just grad net dozou kënnt, dass de Ministère nach méi verpolitiséiert gëtt, wa mer dat heite géinge maachen, well nämlech am leschten Tiret genau dat steet, wat ech menge wat awer zum Deel haut de Problem ass a wat ee misst évitéieren, nämlech dass déi, déi Conseillere si vum Minister, dass déi och Uweisungsbefugnisser an der Administratioun hunn. A genau déi Trennung, fannen ech, misst ee kréien. Dofir steet och am leschten Tiret «à ne pas conférer aux membres des cabinets ministériels des pouvoirs décisionnels à caractère administratif».

An zum Elefantekierfecht wëll ech dem Här Grethen soen: En ass vläicht haut e bësse méi opgedeelt, en ass an alle Ministèren e bësse verdeelt, mä dee gëtt et och haut. Ech mengen net, dass mer esou eng wesentlech aner Situatioun hunn. Dat eenzegt wat ass, et ass manner kloer. Ech fannen, wann een esou e Kadergesetz wéi dat heite géing maachen, wou ee méi eng kloer Opdeelung géing kréien, da géing den Elefantekierfecht net méi grouss gi wéi en haut ass, mä mir hätten awer méi kloer Verhältnisser.

M. le Président.- Den Här Jeannot Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här President, ech soen och nach gären eppes zu de Motiounen.

Bei der éischter Motioun muss ech soen, dass mir mam Dispositif kéinten d'accord sinn, also mat deem, wouzou d'Regierung opgefuerdert gëtt. Ech muss allerdéngs soen, dass mir eng ganz aner Aschätzung hunn, net nëmmen an den Nuancen, wéi dat déi gréng Kolleegen hunn, vun deem wat se virdru festgestallt hunn. Dir verstitt, dass wa mer eis och mam Dispositif kënnen d'accord erklären, mer eis net kënnen d'accord erkläre mat deene Konklusiounen, déi Dir fir Iech zitt an déi Dir hei an eng Motioun eraschreift. Dofir, bei der éischter, do wäerte mer eis enthalen, well mir mam Dispositif d'accord sinn, mä ech soen Iech direkt: Mat Ärer éischter Analys si mer net d'accord!

Wat déi zweet Motioun ubelaangt, hunn ech, mengen ech, kloer gesot a wat fir eng Richtung mir bereet si matzegoen, sou dass mer dat heiten och net wäerte stëmmen. Firwat? Well Dir ëmmer erëm den Akzent leet op e Cabinet ministériel an op de Fait, dass do eng politesch Aarbecht soll geleescht ginn.

Ech si guer net där Meenung. Ech nennen dat net noutgedrongen eng politesch Aarbecht. Ech soe just einfach, dass et eng Rei Conseillere gëtt, a mir haten elo viru kuerzem nach de Fall mam Fonds du Kirchberg, wou ee gesot huet: Kuck, hei wär et dach méi einfach gewiescht, dass wou d'Ministeren eppes virgeluecht krute fir ze ënnerschreiwen, dass se déi Froe gestallt hätten, déi mir gestallt hunn, ier se d'Ënnerschréft drënner gemaach hunn. Si hätten dann dee Conseiller, dee just niewent hinne stung an dee sot: „Ennerschreift dat doten!", kënne froen: „Hues du dat doten alles gekuckt? Stoung dat doten an de Procès-verbalen? Ass do eng normal Prozedur gewiescht?" An dann hätt dee Fonctionnaire gesot: „Dat ass an der Rei, dat kënne mer esou maachen".

Et ass dee Genre vu Conseiller, deen ech mir virstellen, wou ee muss Vertrauen hunn, mä deen awer net muer den Administratioune soll Saache soen an dee fir mech net noutgedronge muss e politesche Beamte sinn. Dat kënne masseg Beamte sinn, déi sief et an der Administratioun als solch oder Conseiller de Gouvernement haut scho sinn, déi et och muer kéinte sinn an déi iwwerhaapt keng politesch Parteikaart fir mech mussen hunn. Déi musse just mäi Vertraue genéissen, an dofir wëll ech net déi Iddi vum Cabinet ministériel dra stoen hunn.

Mir hunn un engem Beispill kloer gewisen, wéi mir gesinn, dass deen et misst maachen, deen déi Aarbecht huet. Ech mengen, mir enthalen eis dobäi. Ech hunn explizéiert, dass mer de Conseiller du Ministre op Zäit, esou laang de Minister do ass, préconiséieren, mä net dee vum politesche Beamten. Dee wëlle mer an där Form net. Dat muss kee politesche Beamte sinn, absolut net, an d'Iddi vum Cabinet ministériel vis-à-vis vum Rescht vum Ministère fannen ech och net gutt, wann dat eng Institutioun gëtt, bal eng Administratioun an der Administratioun, mä et soll de Conseiller vum Minister sinn.

M. le Président.- Den Här Bausch kritt nach eng Kéier d'Wuert an dann den Här Jean-Paul Rippinger.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wëll just dem Här Krecké soen, dass fir mech oder fir eis e politesche Beamten net heescht, dass deen eng Parteikaart muss hunn, oder dass dat ee muss sinn, deen aus där Partei muss kommen. Also mir leien do net esou wäit auserneen an deem wat mir gären hätten. Dat kann duerchaus ee sinn, deen de betreffende Minister sech aus dem Privatsecteur eriwwerhëlt fir déi Zäit oder wat och ëmmer. Also et geet net drëms fir hei elo politesch Beamten am Sënn anzeféieren, dass déi mussen där Partei ugehéieren. Wou géinge mer dann do hikommen, wa mir nach esou eppes géingen aféieren?

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, mir deelen d'Meenung vum Här Grethen an dofir brauche mir eis net esou opzereege wéi den Här Krecké, fir dogéint ze stëmmen.

M. le Président.- D'Diskussioun iwwert de Rapport vun der Enquêtëkommissioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert déi vun deene Gréngen agereechten zwou Motiounen. Fir d'éischt Motioun 1.

De Vote électronique ass verlaangt.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 33 Neen-, 12 Jo-Stëmmen an 13 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi.*

Da komme mer zur Motioun 2 vun deene Gréngen.

Mir stëmmen och iwwert d'Motioun 2 of.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass verworf mat 34 Neen-, 12 Jo-Stëmmen an 13 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Paul-Henri Meyers);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi.*

Domadder wär dee Punkt ofgeschloss a mir kéimen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4827 iwwert déi handicapéiert Leit. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn agedroen: d'Madame Frank, den Här Lux, d'Madame Nagel, den Här Jaerling an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Marie-Josée Frank.

## 6. 4827 - Projet de loi relatif aux personnes handicapées et portant modification

1. de la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat,

2. de la loi du 22 avril 1966 portant réglementation uniforme du congé annuel payé des salariés du secteur privé,

3. de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum,

4. de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet,

5. de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales,

6. de la loi modifiée du 27 juillet 1987 concernant l'assurance pension en cas de vieillesse, d'invalidité et de survie,

7. de la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois,

8. de la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension et

9. du Code des assurances sociales

***Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse***

Mme Marie-Josée Frank *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Selbstbestëmmung an aktiv Participatioun solle Leitlinie vun der Integratiounspolitik vun eise behënnerte Bierger am 21. Jorhonnert ginn. Dat geet kloer aus dem Motto vum EU-Joer vun de Behënnerten „Näischt iwwer eis ouni eis" ervir.

Ech si frou, dass de virleiende Projet de loi haut, am Joer vun de Behënnerten an nach virun der Summervakanz, zur Ofstëmmung virläit, well dëse Projet e gutt Beispill vun integrativer Behënnertepolitik duerstellt.

De gesellschaftlechen an de finanzielle Statut vun enger Persoun sinn an enger moderner Zivilgesellschaft enk matenee verbonnen. Dësen Text huet als Zil déi finanziell Onofhängegkeet vun de Behënnerten ze promovéieren, an déi sozioökonomesch Ofsécherung ze vervollstännegen. Domadder setze mir Objektiver, déi um europäeschen Niveau zu Lissabon festgehale gi sinn. Ech erënneren drun, dass zu Lissabon den Europäesche Rot sech fir d'Integratioun vun alle sozial schwaache Bierger ausgeschwat huet. Dozou zielen och eis behënnert Matmënschen. Dëse Projet verwierklecht de Regierungsaccord vun 1999, fir deen d'Revisioun vun der finanzieller Situatioun vun de Behënnerten eng Prioritéit war.

Den Accord proposéiert ënner anerem zwou Moossnamen, déi d'Lag vun eise behënnerte Matmënsche verbessere sollen. Op där enger Säit soll e Mindestakommes fir behënnert Leit, déi kenger Beruffstätegkeet nogoe kënnen, agefuerdert ginn. Op där anerer Säit soll een deene behënnerte Leit, déi an engem Atelier protégé schaffen, d'Recht op e Gehalt garantéieren. Esou Moossname sinn onbedéngt noutwendeg.

Trotz engem entwéckelte sozialen Ofsécherungssystem hunn hautdësdags nach vill Behënnerter keng Garantie op en Akommes. Net jiddfereen erfëllt zum Beispill d'Konditioune fir den RMG oder fir eng Invaliderent ze kréien. Anerer dogéint profitéiere gläichzäiteg vun deene verschiddene Leeschtungen, déi si bis op e gewësse Grad kënne cumuléieren. Dës Differenzen an Inkohärenze stinn am Widdersproch mat enger Politik, déi d'Chancëgläichheet vun de Behënnerten als Zil huet, a musse wäitgehendst opgehuewe ginn.

Um Niveau vun den Ateliers protégés ass et och esou, dass net jiddfereen, deen an esou engem Kader schafft, fir seng Aarbecht eng finanziell Kompensatioun kritt. Meeschtens kréien se just eng Indemnité d'insertion oder eng Leeschtung vun der Sécurité sociale ausbezuelt. Eng Prime d'encouragement vun 250 bis 375 Euro kann nach eventuell dobäikommen. Fir Verschiddener ass dës Prime déi eenzeg finanziell Unerkennung vun hirer Aarbecht. Doriwwer eraus fale Behënnertaarbechten net ënnert d'Aarbechtsrecht. Si profitéieren also net vun de schützende legale Moossname vun enger Gesetzgebung, an dat ass net richteg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sou laang wéi d'finanziell Lag vun de Behënnerten net ofgeséchert ass a behënnert Aarbechter net de Statut vun engem Salarié unerkannt kréien, sou laang kann een net vu sozialer Integratioun vun eise behënnerte Bierger schwätzen.

Dee virleiende Projet setzt dräi Haaptakzenter.

Als alleréischt huet en als Zil, d'Aarbecht vun de Behënnerten am Kader vun den Ateliers protégés ze reglementéieren.

Déi Behënnert, déi an deem Atelier protégé beschäftegt sinn, kréien de Statut vum Salarié unerkannt. Si hu Recht op en Aarbechtskontrakt, deen d'Verpflichtungen esouwuel vum Atelier protégé wéi vum Aarbechter genau festleet. Den Artikel 19 vum Projet gesäit vir, datt den Aarbechtskontrakt dem Gesetz vum 24. Mee 1989 ënnerluecht ass, mat dem Virbehalt vun deene verschiddenen Ausnahmen, déi de Projet selwer virgesäit, an déi der spezifescher Lag vun de Behënnerte Rechnung droe sollen. Den Atelier muss sech zum Beispill am Kader vum Aarbechtskontrakt verflichten, dem behënnerten Aarbechter adequat Aarbechtskonditiounen am Ëmfeld ze garantéieren an den Zougank op de gewéinlechen Aarbechtsmaart ze promovéieren. Den Atelier soll net nëmmen déi Leit, déi als Travailleur handicapé unerkannt goufen, ophuelen an eng Aarbecht ubidden. Et ass och als eng Aart Transitstatioun ze verstoen, déi d'Leit op de gewéinlechen Aarbechtsmaart virbereede soll. Et muss een awer realistesch bleiwen a bewosst sinn, datt de Prozentsaz vun deene behënnerten Aarbechter, déi et fäerdeg brénge sech op de gewéinlechen Aarbechtsmaart ze profiléieren, relativ niddreg ass. Nëmmen 3% no den Aussoe vun dem Auteur vum Gesetzesprojet.

Den Aarbechter verflicht sech, op senger Säit, verschidde Formatioune matzemaachen, déi vun der ADEM proposéiert ginn. Formatiounen déi wichteg sinn, wann ee sech wëllt an den Aarbechtsmaart integréieren.

Déi behënnert Aarbechter kréien och Recht op een Akommes fir hir Aarbechtsprestatiounen, dat sech op de Mindestloun baséiert, unerkannt. Och wa si an engem spezifesche Kader schaffen, bleiwe si den Aarbechtscontrainten ënnerleeën, wéi all aner Aarbechter. Et ass also nëmmen normal, datt si fir hir Aarbecht bezuelt ginn. Well awer ganz vill Atelieren net déi finanziell Méiglechkeeten hunn, fir an Zukunft jiddferengem e Salaire auszebezuelen, gesäit de virleiende Gesetzesprojet eng staatlech Participatioun bei de Gehälter vir.

D'Gesetz vun 1991, wat dëse Projet ausser Kraaft setzt, gesäit esou eng Participatioun vir, awer just fir d'Privatbetriber an d'Gemengen. D'Ateliere sinn awer am Kader vun dësem Gesetz vun 1991 ausgeschloss. Dat soll sech ännere am virleiende Projet, deen iwwregens e maximale Prozentsaz vun dëser staatlecher Participatioun par rapport zum Gesetz vun 1991 vu 60 op 100% erhéicht. Dës Participatioun soll och vun der Entwécklung vum Handicap an/oder vun der Upassung vum Behënnerten a säin Aarbechtsmilieu ofhänken.

Fir kënne vun de staatleche Subsiden ze profitéieren, muss den Atelier vum Familljeministère zougelooss ginn, an zwar en conformité mam ASFT-Gesetz vun 1998. Iwwert de Wee vum Agrément wëll ee sécher stellen, datt den Atelier verschidde Konditioune konzeptueller a struktureller Natur erfëllt. Den Atelier soll de Behënnerten en adequaten Encadrement ubidde kënnen. An dësem Kontext ass et wichteg ervirzehiewen, datt d'Aarbechtsdauer, déi am Prinzip och fir d'Ateliere 40 Stonnen d'Woch bedréit, therapeutesch oder sozio-pedagogesch Aktivitéite mat aschléisst.

Deen zweete Schwéierpunkt vum Projet ass d'Schafung vun dem Revenu pour personnes gravement handicapées. Dëst Akommes sollt am Ufank nëmmen deene behënnerte Leit zegutt kommen, déi wéinst hirem Handicap net schaffen a fir sech selwer suerge kënnen. D'Kommissioun war awer der Meenung, et misst een och de behënnerten Aarbechter sou ee minimaalt Akommes garantéieren, vun deem Moment u wou si onofhängeg vun hirem Wëllen net schaffen a keen Akommes hunn, dat iwwert dem Revenu pour personnes gravement handicapées läit. Et dierf een net vergiessen, datt vill behënnert Leit zwar theoretesch enger Aktivitéit nogoe kéinten, wa si encadréiert wären, awer praktesch net schaffe kënnen, well net genuch Plazen an deene verschiddenen Ateliers protégés do sinn. Et wär also ongerecht, an et géif der Essenz vum Projet widderspriechen, wann een hei tëschent Behënnerte géif differenzéieren. Jidderee soll datselwecht Recht op eng autonom finanziell Ofsécherung unerkannt kréien.

Ze bemierken ass nach, datt dëse Revenu onofhängeg vun der finanzieller Situatioun vum Demandeur oder vu senger Famill ausbezuelt gëtt, wat bekanntlech net de Fall beim RMG ass.

An dësem Kontext spillt d'Commission médicale, déi agefouert gëtt, eng wesentlech Roll. Eis Kommissioun huet an dësem Kontext um prozeduralen Niveau den initialen Text amendéiert. Wa schonn d'Regierung im Nachhinein sech fir zwou verschidde Kommissiounen entscheet huet, déi am Kader vun dësem Projet kompetent wären, huet d'Familljekommissioun d'Iddi vertrueden, et misst een d'Kompetenze vun der Commission médicale an der Commission d'orientation méi kloer délimitéieren, a virun allem der Commission médicale verschidde Kompetenzen exklusiv unerkennen.

Dës Kommissioun décidéiert, ob eng Persoun als behënnerten Aarbechter ka qualifizéiert ginn oder net, a si hëlt och eng Décisioun wat d'Diminutioun vun der Aarbechtscapacitéit oder de Gesondheetszoustand ugeet. Wa si der Meenung ass, datt eng Persoun d'Konditiounen erfëllt fir d'Mindestakommes fir schwéier behënnert Leit ze kréien, deelt si hir Entscheedung dem Fonds national de solidarité mat, deen dann décidéiert, dëse Revenu enger Persoun zouzespriechen oder net. D'Commission d'orientation, déi schonn am Kader vum Gesetz vun 1991 besteet, entscheet net méi mat, mä ka sech duerfir ganz op hir Orientatiounsmissioun konzentréieren. Si ass och zoustänneg fir all berufflech Integratiounsmoossnamen.

Wat de Revenu fir schwéier handicapéiert Leit ugeet, muss een nach ervirhiewen, datt d'Kommissioun, mam Objektiv jiddferengem en individuelle Revenu zouzesécheren, proposéiert huet, verschidden Dispositioune vum Code des assurances sociales ëmzeänneren. Nom virleienden Text dierf eng Weesekandsrent an Zukunft net méi ouni Alterslimite ausbezuelt ginn. Och wann déi meescht Behënnert iwwer eng Rent verfügen, déi entweder ënnert dem Mindestloun oder dem RMG läit, bleift et, datt verschidde Persounen Akommes bezéien, déi iwwert dësen zwee Revenue leien. D'Ausbezuelung vun enger Weesekandsrent ass och schwéier mam neie Revenu fir schwéier behënnert Leit ze verbannen. No der aktueller Gesetzgebung gëtt de Revenu vun engem behënnerten Aarbechter, deen deelweis an engem Atelier protégé beschäftegt ass, an deen ënnert dem RMG läit, iwwert de Wee vum Revenu pour personnes gravement handicapées complétéiert. Si kréien och d'Weesekandsrent integral ausbezuelt.

De Behënnerten, deen awer à temps plein an deem Atelier protégé schafft, huet kee Recht op eng Weeserent.

Fir dës Ongerechtegkeeten opzehiewen, gesäit de virleiende Projet d'Ofschafung vun der Weesekandsrent ouni Alterslimite vir. Dës Ofschafung soll awer just fir d'Zukunft spillen an net d'Droits d'acquis a Fro setzen. Mat der Aféierung vun engem minimalen Akommes fir Behënnert, mécht et kee Sënn méi eng Weesekandsrent ouni Alterslimite auszebezuelen.

Déiselwecht Bemierkung zielt fir d'Allocations familiales. D'Kommissioun huet proposéiert, parallell zur Aféierung vun deem Revenu fir schwéier handicapéiert Leit zukënfteg Méiglechkeeten, esou Allocatiounen ouni Alterslimite auszebezuelen, ofzeschafen, mat der Berücksichtigung op d'Droits acquis. D'Familljenallocatioune kënne bis zum Alter vu 27 Joer ausbezuelt ginn, wann déi betraffe behënnert Persoun Formatioune mat mécht.

Et gëtt och preziséiert am Code des assurances sociales, datt behënnert Aarbechter, déi an engem Atelier protégé schaffen, vun de Kranken- a Pensiounsversécherunge profitéieren.

D'Invaliditéit vun deene Behënnerte gëtt net nëmmen a Bezuch zum gewéinlechen Aarbechtsmaart appréciéiert, mä och a Bezuch zu den Ateliers protégés. Dës Moossnam déngt dozou, d'Beruffstätegkeet vun de Leit esouwäit et geet ze motivéieren, a fir ze vermeiden datt scho Leit no engem Joer d'Invaliderent ufroen, déi kenger Integratiouns- oder Formatiounsmoossnam ënnerläit.

Den drëtte Schwéierpunkt vum Projet ass d'Verankerung vum Conseil supérieur des Personnes handicapées an engem Gesetz. Dëst berodend Organ, dat scho säit 1998 op Basis vun engem Reglement existéiert, ass e wichtegt Instrument vun der Behënnertepolitik. D'Zesummesetzung vun dësem Conseil spigelt de Wëlle vun den Auteure vum Projet erëm, d'Behënnert an der Integratiounspolitik mat anzebannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Text, deen hei an der Chamber zur Ofstëmmung virläit, ass deen, deen de Statsrot a sengem Avis vum 25. Februar vun dësem Joer proposéiert huet. D'Regierung huet schonn den initialen Text op Grond vum éischten Avis vum Statsrot amendéiert. Wann d'Regierung gréisstendeels de kritesche Bemierkunge vum Statsrot Rechnung gedroen huet, war dësen awer nach der Meenung, datt den Opbau vum Text nohuelbedürfteg wier. E schléit vir d'Gesetz vun 1991 iwwert d'behënnert Aarbechter net nëmmen ëmzeänneren, wéi dat de Regierungstext virgesinn hat, mä ofzeschafen an d'Dispositioune vun dësem Gesetz mat deenen neien an engem codifizéierten Text ze integréieren.

D'Kommissioun ass op de Wee vum Statsrot gaangen. Si huet deem säin Text ugeholl an huet Ëmännerunge virgesinn, déi awer weder déi initial Orientéierungen, nach d'Virschléi vum Statsrot a Fro stellen, och wann de virleienden Text sech bei deem engen oder anere Punkt staark vum Text vun der Regierung oder vum Statsrot differenzéiert. D'Kommissioun war zum Beispill der Meenung, datt et wichteg wier déi spezifesch Kompetenze vum Behënnerteservice vun der ADEM nach eng Kéier am Kader vum virleienden Text ze verankeren. Säit zéng Joer këmmert sech dëse Service ëm déi berufflech Integratioun vun de behënnerten Aarbechter. Si verfügt iwwer eng grouss Experienz a Saachen Ëmgank mat Behënnerten an huet an all deene Joren en direkte Kontakt zu den Employeure gehat. En ass onëmgänglech an dofir soen ech och all deene Leit vun der ADEM merci, déi sech am Laf vun deene Joren dofir agesat hunn.

Rezent Texter verweisen iwwregens och direkt op eenzel Servicer vun der ADEM amplaz d'ADEM als Ganzt ze viséieren, esou datt et ubruecht ass tëschent deene verschiddene Servicer vun dëser Administratioun ze ënnerscheeden a kloer an engem Gesetzestext festzehalen.

Déi aktuell Délimitatioun vun de Kompetenzen tëschent der Commission médicale an der Commission d'orientation ass och op eng Entscheedung vun der Familljekommissioun zréckzeféieren. Am Ufank war d'Kommissioun der Meenung, d'Commission médicale soll just nokucken, ob eng Persoun d'Konditioune géif erfëlle fir op e Mindestakommes fir schwéierstbehënnert Leit Usproch ze hunn. Si sollt dozou just en Avis ofginn. D'Kommissioun huet den Iwwerleeunge vum Statsrot Rechnung gedroen an décidéiert, d'Commission médicale sollt op engem ëmstriddene Punkt net nëmmen en Avis ofginn an huet dëser Kommissioun e reellen Entscheedungspouvoir unerkannt.

D'Kommissioun war och der Meenung, et sollt een d'Abattementsméiglechkeeten, déi fir d'Salairë vun de behënnerten Aarbechter mat schwaachem Rendement existéieren, ofschafen. An den Ae vun der Kommissioun sinn esou Méiglechkeeten diskriminatoresch.

D'Ëmännerung um Niveau vum Code des assurances sociales an d'Ausdehne vum Krees vun de Leit, déi vun engem Mindestakommes kënne profitéieren, zwou Moossnamen, déi ech virdrun a menger Ried ëmschriwwen hunn, ginn op Décisioune vun der Familljekommissioun zréck.

Ier ech meng Ried ofschléissen, wëll ech kuerz nach op den Avis vun der Chambre de Travail zréckkommen. Dës professionell Chamber huet sech d'Fro gestallt, ob keng Interferenze géife bestoen tëschent dem virleiende Projet an dem Gesetz iwwert d'Aarbechtsincapacitéit an d'Réinsertion. Dëse Punkt ass och an der Kommissioun

ugeschnidde ginn. D'Kommissioun mengt, et wier net ubruecht fir d'Dispositioune vun dem Text am Gesetz iwwert d'Aarbechtsincapacitéit anzeféieren. Et handelt sech ëm zwou verschidde Moossnamen. Wat déi aner Chamberen ugeet, waren d'Avisë positiv an dofir zitéieren ech si elo net méi eenzel.

E grousse Merci wëll ech all deenen ausschwätzen, déi säit zwee Joer un dësem Projet matgeschafft hunn, de Kolleeginnen an de Kolleege vun eiser Kommissioun, de Mataarbechter aus dem Famillje-ministère, esou wéi och speziell eiser Mataarbechterin aus der Fraktioun.

Haut de Mëtteg huet den honorablen Här Serge Urbany mech an der Sitzung drop opmierksam gemaach, datt e materielle Feeler am Text géing stoen an ech géif proposéieren, datt mer deen herno géife revidéieren. An zwar war den Artikel 171 (19) vum Code des assurances sociales net richteg; et ass 171 (17). Dofir, Här Urbany, villmools merci.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'gesellschaftlech Integratioun an d'Matgestaltung vun de Behënnerte stellen a mengen Aen eng Beräicherung vun eiser Gesellschaft duer. Mir dierfen dowéinst keng Geleeënheet verpassen, fir dës Integratioun fortzesetzen. De virleiende Projet wäert mat Sécherheet dozou bäidroen. E stellt, wéi ech dat schonn am Ufank vu menger Ried gesot hunn, e gutt Beispill vun integrativer Behënnertepolitik duer. Mä wéi vill aner Projeten ass och dësen Text sécherlech net perfekt. Et gëtt sécherlech Lücken, déi no den Experienze musse revidéiert ginn. Ech si frou, datt de Rapport zum Projet vun de presente Memberen an der Kommissioun den 10. Juli unanime ugeholl ginn ass an dofir wënschen ech mir déiselwecht Unanimitéit hei am Plenum. Ech soen Iech merci.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

M. le Président.- Merci villmools. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer haut de Mëtteg diskutéieren an deen déi handicapéiert oder behënnert Persoune betrëfft, ass e wichtege Projet. Hie schreift sech zwar an an d'Linn vun de Mesuren, déi mer zënter Jorzéngten am Intérêt vun de behënnerte Persounen huelen. Hie bréngt awer och qualitativ wesentlech Verbesserungen an zwar op dräi Pläng, an ech wëll mech drop beschränke fir déi wichteg Punkten, déi qualitativ eppes bréngen am Intérêt vun de Behënnerten, ervirzesträichen.

Dat ass fir d'éischt emol d'Recht op d'aarbechtsrechtlech Moossnamen am Intérêt vun de Persounen, déi an den Ateliers protégés schaffen. Et ass d'Schafung vun engem garantéierten Akommes fir déi Behënnert, an et ass d'Schafung vun enger gesetzlecher Basis fir de Conseil supérieur des Personnes handicapées.

Ech wëll net an d'Detailer vun de Mesurë goen, well eis Kolleegin, meng Virriednerin d'Madame Frank an hirem excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport d'Detailer vun de Mesurë ginn huet. Ech wëll och hei direkt soen, dass déi Mesurë vun der CSV-Fraktioun approuvéiert ginn an dass mer den Text och wäerte stëmmen.

Fir d'éischt emol déi aarbechtsrechtlech Moossnamen. Ech erënneren do un de Prinzip, deen an der Verfassung steet am Artikel 11, dee seet, dass d'Gesetz d'Recht op Aarbecht garantéiert, an dass all Bierger d'Recht huet déi Aarbecht ze exerzéieren, datt och d'Gesetz dat soll assuréieren. D'Verfassung mécht keen Ënnerscheed tëschent behënnerten an anere Persounen. An ech erënneren och hei un en Text, deen am Konvent iwwerholl ginn ass, dee schonn an den Droits fondamentaux stong an dee seet, dass all Persoun Recht op Aarbecht huet an och e Beruff auszeüben an aller Fräiheet, esou wéi hien et gewielt huet a wéi en et akzeptéiert. An de Konvent huet en aneren Text iwwert déi handicapéiert Persounen ugeholl, deen och elo iwwerholl ginn ass, deen ech och hei wëll zitéieren an dem wierklechen Text wéi en am Artikel 2-26 vum franséischen Text zréckbehale ginn ass: „L'Union européenne reconnaît et respecte les droits des personnes handicapées à bénéficier de mesures visant à assurer leur autonomie, leur intégration sociale et professionnelle et leur participation à la vie de la communauté."

Wa mer haut deen Text hei unhuelen, da leie mer an der Linn vun deenen dote grondsätzlechen Texter a mir schreiwen eigentlech an dat besonnescht Gesetz hei nëmmen an déi Rechter, déi och deene behënnerte Persounen an eiser Verfassung an och an den europäeschen Texter garantéiert sinn. A mir erkennen domat un, dass och déi Aarbecht, wann ech hei vun der Aarbecht vun deene Behënnerte schwätzen, eng vollwäerteg Aarbecht ass, an dofir solle mer se och esou behandelen am Aarbechtsrecht an och op där anerer Säit an der Rémunératioun.

Mir hunn an engem éischten Deel vun deem Gesetz hei Texter iwwerholl vum Gesetz vun 1991. Do sollte verschidden Ännerunge kommen. De Conseil d'Etat war der Meenung, et wier besser wann een dat Gesetz géif ofschafen an et ganz géif hei integréieren. Ech wëll och drun erënneren, datt wat den normalen Aarbechtsmaart ugeet, schonn 1991 verschidde Mesurë festgehale ware ginn, déi festgeluecht hunn, wat fir eng Obligatioune souwuel de Stat wéi déi öffentlech-rechtlech Etablissementer, d'Gemengen an d'Eisebunn hunn, awer och de Privatsecteur. Ech wëll se rappeléieren.

Do steet dran, datt de Stat, d'Gemengen, d'Etablissements publics an d'CFL obligéiert sinn, 5% vun hirem Effectif fir behënnert Persounen ze reservéieren. Fir de Privatsecteur sinn d'Bestëmmungen déi, datt déi Entreprisen, déi tëschent 25 an 49 Persoune beschäftegen, eng behënnert Persoun sollen astellen, a wa se tëschent 50 an 299 Persounen hunn 2%, an iwwer 300 Persoune 4%.

Et ass gutt, datt déi Dispositioune répétéiert ginn, och wa mer wëssen, datt an all de Joren déi do Zifferen, ech soe wahrscheinlech net erreecht si ginn. Beim öffentleche Secteur sinn ech mer ganz sécher, datt se net erreecht sinn. Beim private Secteur wëll ech mech net driwwer ausschwätzen, well ech eigentlech och keng Zifferen hunn, a wou et och gutt wär, datt een emol erëm nei Chiffere géif opstellen a soen, wat mer dann do erreecht hunn.

Et sinn och strofrechtlech Moossnamen dran an deem Sënn datt déi, déi d'Bestëmmungen net anhalen, misste bis zu 50% vum Mindestloun un den Trésor verséieren. Beim Stat ass eigentlech keng esou eng Dispositioun dran. De Stat ka sech jo net selwer Geld iwerweisen. Dofir ass et ëmsou méi bedauerlech, Här Fayot, datt och do déi Bestëmmungen net voll a ganz erreecht si ginn.

Ech froe mech allerdéngs, ob et duer geet, datt ee Bestëmmunge festleet, ob een net och misst probéiere positiv Aktiounen ze setzen an déi, déi et maachen, och mol ervirzesträichen, well et ass jo net jiddfereen, dee sech net drun hält. Et sinn och privat Patronen, déi behënnert Persounen agestallt hunn. Dat soll een och emol als Exempel dohi stellen; och öffentlech Verwaltungen, déi dat do realiséieren, soll ee positiv duerstellen.

Vläicht gëtt déi nei Mesure, déi virgesäit, datt d'Participatioun um Salaire, déi bis elo 60% war, an Zukunft bis op 100% eropgeet, deem engen oder aneren am Privatsecteur Ulass gëtt fir d'Situatioun ze iwwerdenken an am Intérêt vun de Behënnerten eng nei Aarbechtsplaz ze schafen.

Dat wierklecht Neit, wat den Aarbechtsmaart ugeet, sinn awer déi aarbechtsrechtlech Mesuren am Intérêt vun de Persounen, déi an den Ateliers protégés schaffen, Ateliers protégés, déi eigentlech scho quasiment 30 Joer bestinn, déi awer mat ënnerschiddleche Mëttelen hu misse schaffen, mat Subsiden a mat anere Mëttelen, fir och de Behënnerten, déi bei hinnen opgeholl si ginn, eng eenegermoosse Rémunératioun unzebidden.

Duerch dat hei Gesetz besteet d'Méiglechkeet, datt déi Persounen, déi grave handicapéiert sinn an net um Aarbechtsmaart kënnen ënnerbruecht ginn, oder och déi Persounen, déi, obschonns se op den Aarbechtsmaart kënnte goen, awer vläicht do keng Plaz fannen, datt déi an den Ateliers protégés kënnen eng Aarbechtsplaz fannen. Dat bedeit dann awer, datt déi aarbechtsrechtlech Bestëmmunge vum Gesetz vun 1989, sou wéi d'Madame Frank et gesot huet, mussen ugewannt gi mat verschiddenen Aménagementer.

Et ass och virgesinn, datt déi Leit, esou wéi dat soll sinn, rémunéréiert ginn nom Mindestloun, datt zousätzlech awer d'Gestionnairë vun den Ateliers protégés och nach kënne Primë bezuelen, déi dann awer à charge vum Atelier protégé sinn, wou jo gegebenenfalls och Recetten erakomme vun de Servicer a vun de Produiten, déi duerch den Atelier protégé hiergestallt ginn, well et ass jo net esou, datt den Atelier protégé näischt géif produzéieren, wat net kënnt verkaaft ginn a wat net och kënnt Recetten erabréngen. De Stat participéiert um Loun mat 100%, wat ausdrécklech ze begréissen ass.

Eng zweet wesentlech Mesure ass d'Aféierung vun dem Akommes fir déi grave handicapéiert Persounen. Dat ass a mengen Aen e wesentleche Fortschrëtt, well bis elo war d'Akommes, esou wéi et scho gesot ginn ass, ënnerschiddlech, an déi behënnert Persoune waren ugewisen op verschiddenaarteg Akommes, sief et vum Kannergeld, enger Rent, oder dem RMG, wou se dann awer de spezifesche Bedingungen och vum RMG ënnerworf waren. Ech erënneren notamment un d'Bestëmmunge vun de Pensions alimentaires, wou also och Persounen, déi eng Pension alimentaire hu misse bezuelen, konnten erugezu ginn. Do sinn also Bestëmmungen, déi dozou geféiert hunn, datt ënnerschiddlech Revenuë bei de behënnerte Leit erauskomm sinn, an datt se praktesch ugewise waren op een Akommes, wat eigentlech an der Aide sociale läit, während hei e Recht geschafe gëtt, wat och mat anere Konditioune verbonnen ass, wéi dat notamment beim RMG de Fall ass.

Ech wëll kuerz d'Bedingunge rappeléiere fir dat Akommes ze kréien. Et muss een 18 Joer al sinn. Et muss een eng Diminutioun vu senger Aarbechtscapacitéit hu vu wéinegstens 30%, déi een awer kritt huet viru 65 Joer. Et muss onméiglech sinn eng Aarbecht unzehuelen um Aarbechtsmaart. Et muss een dann och hei am Land residéieren a säi Wunnsëtz hunn. De Montant ass deeselwechte wéi beim RMG. E läit bei 160,99 Euro Index 100. Beim heitegen Index mécht dat 974,97 Euro aus, wa meng Berechnung richteg ass. An et gëllt och hei, wat beim RMG gëllt, datt 30% vun anere Revenuen, Revenu professionnel oder Revenu de remplacement, kënnen immuniséiert ginn, sou datt ee Behënnerten dee schafft, deen also bereet ass eng Aarbecht unzehuelen an do eppes verdéngt, datt deen iwwert deen dote Wee net gestrooft gëtt. Dat ass och eng Incitatioun fir an den Aarbechtsprozess eran ze goen. Dat ass a mengen Aen eng ganz wichteg Moossnam. Et hätt net kënnen aneschters sinn, well mer eng ähnlech gelagert Mesure och beim RMG hunn.

Et bleift allerdéngs eng Mesure bestoen, datt bei dem Akommes vun de Behënnerten herno bei der lerfschaft eng Restitutioun méiglech ass. Ech mengen, dat muss een esou explizéieren a justifizéieren, datt wann herno eppes do ass, d'Allgemengheet, déi jo elo bereet ass ouni gréisser Konditiounen een Akommes ze garantéieren, virun aneren lerwen eventuell ka bei der lerfschaft hiert Recht geltend maachen.

Eng drëtt Mesure, wou ech ganz kuerz ka sinn, dat ass d'Schafe vun enger gesetzlecher Basis fir de Conseil supérieur des Personnes handicapées, Conseil supérieur, dee geschafe ginn ass duerch Règlement ministériel vum 16. Dezember 1998. Mir kennen d'Schwieregkeete vun de Règlements ministériels, Règlements ministériels, déi op Grond vum Artikel 36 vun der Verfassung eigentlech keng Base légale hunn, a wou een à tout moment hätt kënne soen, dass dee Conseil supérieur, deen duerch Règlement ministériel geschafe ginn ass, eigentlech keng Base légale huet. Doduerch datt elo hei gesot gëtt, datt déi Base légale geschafe gëtt, kritt och dee Conseil supérieur een anere qualitative Wäert wéi e bis elo hat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem heite Gesetz erfëllt d'Regierung e weidere Punkt vun hirem Regierungsprogramm, wou gesot ginn ass, datt se bereet wier, fir eng Revisioun vun de Revenuë vun de behënnerte Persounen ze maachen, an dass si eng kohärent an équitabel Léisung fir déi behënnert Persoune wëllt sichen. Dat huet si mat deem heite Gesetz och gemaach an ech hu jo scho gesot, dass mer och aus där Ursaach d'Gesetz wëlle stëmmen.

Ech wëll awer hei drop opmierksam maachen, dass eigentlech mat deenen heite Mesuren d'Problematik vun de Behënnerten net ofgedeckt ass. Wann ech virdru vun enger Participation à la vie de la communauté geschwat hunn, vun där och de Konvent schwätzt, da bleiwen nach ganz vill aner Mesuren ze realiséieren, an do ass net nëmmen de Législateur gefuerdert. Do sinn och ganz vill Associatiounen, Privatpersoune gefuerdert, déi sech bis elo agesat hunn.

Ech mengen, et wier ongerecht, wann een haut nëmmen der Regierung e Luef géif ginn an et géif een net dee Luef weiderginn un all déi Leit, déi virun där gesetzlecher Mesure Ateliers protégés geschafen hunn, déi probéiert hunn déi dote Mesuren ze realiséieren an déi an Zukunft och aus hirer Verpflichtung am Intérêt vun de Behënnerten net wäerten entlooss sinn. Mir hoffen, dass si déi Aarbecht kënne weiderféieren. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Meyers. Den nächste Riedner ass den Här Lucien Lux. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn am europäesche Joer vun de Behënnerten, am Joer 2003. A wéi bei all deenen deklaréierte Jore stellt sech dann och dëst Joer d'Problematik e bëssen, ob mer et fäerdeg bréngen aus deem Joer wierklech e Schub no vir ze maachen oder ob et beim Alibi bleift.

Ech wëll direkt am Ufank soen, dass eis Fraktioun der Meenung ass, dass dëst Gesetz wäert dozou bäidroen, dass de Bilan vun deem deklaréierte Joer 2003 net ëmsoss wäert sinn, mä wierklech, wéi de Kolleeg Paul-Henri Meyers et elo scho gesot huet, e qualitative Sprong no vir wäert bedeiten.

Dozou gehéiert, mengen ech, och, dass mer an der Kommissioun et fäerdeg bruecht hunn an engem ganz konstruktiven Esprit un déi Problematik vun deem Gesetz erunzegoen. Ech wéilt dofir och der Kolleegin Marie-Josée Frank fir hir Aarbecht haut de Mëtteg an och virdrun an hirem schrëftleche Rapport eise Merci soen, wéi och der zoustänneger Ministesch an hire Fonctionnairen, déi et erlaabt hunn, dass mer dat relativ positiv konnten iwwert d'Bühn bréngen.

Mir hunn elo am spéiden Nomëtteg héieren, wat eis de Kolleeg Paul-Henri Meyers zum Schluss gesot huet, an ech mengen, dass dat eng wichteg Ausso ass, nämlech net ze mengen, dass mer mat dësem Gesetz elo - sécherlech maache mer e Schrëtt no vir - dann definitiv an där Gesellschaft ukomm wären an an där Integratioun vu Behënnerten, an där Qualifizéierung vu Vollwäertegkeet ukomm wären, déi mer eis alleguerten, hoffen ech, heibanne wënschen.

Dass en Aarbechtsrechtler a Sozialpolitiker frou ass, wann och hei déi grouss Unzuel vu Behënnerten an d'Recht vun dem Aarbechtsstatut kommen, an d'Recht komme vun engem Akommes, dass d'Prozedure klarifizéiert gi sinn, dass op där anerer Säit de Statut komm ass vum Conseil supérieur, wat noutwendeg war, dat wäert lech net verwonneren.

Trotzdeem denken ech, dass an enger Gesellschaft, déi an deene leschte Joren, an dat wäert an deenen nächste Joren net besser ginn, ëmmer méi ufänkt haart ze ginn, et deementspriechend e wichtege Schrëtt, e wichtegt Signal no baussen ass fir all déi, déi mathëllefen um Terrain wierklech eng Politik vu Vollwäertegkeet ze maachen.

Trotz de Realitéiten opgrond vun ekonomesche Gegebenheeten, et kënnt een dann elo wäit aushuelen a vun der Globaliséierung bis zu der Kompetitivitéit kommen, bis zur Noutwendegkeet an den Entreprisen, besonnesch an de privaten Entreprisen ëmmer dofir ze kucken, dass d'Rechnung hannen opgeet an deementspriechend net méi vill Plaz bleift fir dat, wat awer hei eng Noutwendegkeet ass, dat Gefill fir déi mënschlech Gesellschaft, déi mer alleguerte wëllen, wou et net nëmmen eleng drëm geet fir hannen ze kucke wéi et da mat de makroekonomesche Resultater ass, ass et wichteg och dofir ze suergen, dass aner Qualitéiten, aner Wäerter an eiser Gesellschaft nach héichgehale ginn.

Mir hunn 2001, den 29. Mäerz, schonn e Gesetz gestëmmt, wat wichteg war, nämlech dat vun der Accessibilitéit. Och do, wann een dann d'Kap vum Buergermeeschter oder President vu Bautekommissiounen opdeet, da weess ee wéi schwéier dass och d'Ëmsetzung vun deem Gesetz do ass an deementspriechend wäert dat heiten, wat mer haut de Mëtteg décidéieren, och seng Schwieregkeeten hunn.

D'Auswierkunge si vun de Virriedner hei scho relativ däitlech gesot ginn: d'Revaloriséierung vun der Aarbecht vum Behënnerten, net nëmmen als eng Form vu Beschäftegungstherapie, mä wierklech e Sprong no vir ze maachen, d'finanziell Situatioun vum Behënnerten ze verbesseren, d'Selbststännegkeet, d'Autonomie an d'Würd vun de Behënnerten ze verbesseren: Alles dat ass richteg. Mä mir wëssen, dass dat dann nach nëmmen en Deel vun der Problematik ass, well de Projet de loi a sengem Exposé des motifs jo kloer seet, dass nëmmen 3% den Ofsprong vun

## Sommaire des séances publiques

Hommage à la mémoire de M. Georges Margue, député honoraire page 824

Communications page 824

Ordre du jour pages 824-825

Heure de questions au Gouvernement:

- Question N° 318 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Lucien Weiler au sujet des recrutements à l'Administration des Ponts et Chaussées, adressée au Ministre des Travaux publics pages 825-826

- Question N° 319 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Lucien Lux concernant les modalités d'attribution du forfait d'éducation, adressée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse page 826

- Question N° 320 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Gusty Graas au sujet d'une amnistie fiscale belge, adressée au Ministre du Trésor et du Budget page 826

- Question N° 321 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Camille Gira au sujet de l'implantation d'une deuxième Ecole européenne à Mamer, adressée au Ministre des Travaux publics page 826

- Question N° 322 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Xavier Bettel au sujet des systèmes de sécurité au Centre pénitentiaire de Schrassig, adressée au Ministre de la Justice pages 826-827

- Question N° 323 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo au sujet de la prise en charge des frais bancaires lors de virements aux ayants droit de prestations de l'Etat, adressée au Ministre du Trésor et du Budget page 827

- Question N° 324 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Claude Meisch au sujet de l'organisation de la journée "En ville sans ma voiture 2003", adressée au Secrétaire d'Etat à l'Environnement page 827

- Question N° 325 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Georges Wohlfart au sujet des marchés publics, adressée au Ministre des Travaux publics pages 827-828

Ordre du jour page 827

5102 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un bâtiment pour le Centre de Recherche Public Henri Tudor et le Centre de Technologie de l'Education à Luxembourg-Kirchberg pages 828-829 page 839

4954 - Projet de loi portant 1) répression du terrorisme et de son financement 2) approbation de la Convention internationale pour la répression du financement du terrorisme, ouverte à la signature à New York en date du 10 janvier 2000 pages 829-839

5136 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Bulgarie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003;

5137 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République d'Estonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003;

5138 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lettonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003;

5139 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lituanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003;

5140 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la Roumanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003;

5141 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République Slovaque, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003, et

5142 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Slovénie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003 pages 839-847

4929 - Projet de loi autorisant l'Etat à participer au financement des travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées générées par les localités regroupées autour du lac de la Haute-Sûre pages 847-851

4836 - Projet de loi portant approbation de la Convention pour l'unification de certaines règles relatives au transport aérien international, faite à Montréal, le 28 mai 1999 pages 851-852

4874 - Projet de loi portant approbation du Protocole, signé à Montréal, le 24 février 1988, pour la répression des actes illicites de violence dans les aéroports servant à l'aviation civile internationale, complémentaire à la Convention pour la répression d'actes illicites dirigés contre la sécurité de l'aviation civile, faite à Montréal, le 23 septembre 1971 page 852

4941 - Projet de loi sur le raccordement du Grand-Duché de Luxembourg au TGV Est-Européen pages 852-856

5018 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'administration de l'Enregistrement et des Domaines pages 856-868

5022 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Trinité et Tobago tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et à encourager le commerce international et l'investissement, signée à Luxembourg, le 7 mai 2001 page 858

5043 - Projet de loi relatif à l'augmentation du capital de la Banque Européenne d'Investissement pages 858-859

Hommage à la mémoire de M. René Burger, député honoraire page 859

Communications pages 859-860

5170 - Rapport de la Commission d'enquête "Transports routiers internationaux" pages 860-872

Dépôt d'une proposition de loi page 861

4827 - Projet de loi relatif aux personnes handicapées et portant modification

1. de la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat, 2. de la loi du 22 avril 1966 portant réglementation uniforme du congé annuel payé des salariés du secteur privé,

3. de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum,

4. de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet,

5. de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales,

6. de la loi modifiée du 27 juillet 1987 concernant l'assurance pension en cas de vieillesse, d'invalidité et de survie,

7. de la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois,

8. de la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension et

9. du Code des assurances sociales pages 872-875

dem Atelier protégé an de richtegen, den definitiven, den eigentlechen, den éischten Aarbechtsmaart och packen.

Dobäi ass ebe just d'Integratioun an déi normal Aarbechtswelt a sech déi gréisste Wichtegkeet, déi gréissten Noutwendegkeet, déi mer gesinn. Net nëmmen Ausgeschlossenheet, mä matenee versichen ze goen. De Behënnerten als e vollwäertege Bierger unzegesinn an och als e vollwäertege Mataarbechter an den Entreprisen. Et ass also sécherlech wichteg, dass mer et hei fäerdeg brénge fir d'Konditiounen innerhalb vun den Ateliers protégés ze verbesseren, mä d'Zilsetzung muss nach ëmmer dat sinn, de Sprong, Brécken ze schafe fir an den definitiven Aarbechtsmaart ze kommen.

Fir déi Integratioun ze verbesseren, hunn de Mëtteg schonn déi eenzel Riedner vum Gesetz vun 1991 geschwat. Ech hu mer nach eng Kéier ugekuckt, et ass eng Question parlementaire vun eiser Kolleegin Renée Wagener…

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Wëllt Dir mir elo meng Stëmm klauen?

***(Hilarité)***

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Ech wollt lech wierklech an Är eege Schoul elo aféieren, lancéieren. Dat ass eng Passe an d'Lach, déi ech lech maachen.

***(Interruption)***

Ech wëschen dat doten elo erëm aus. Ech fänken nach eng Kéier vu vir un.

***(Hilarité)***

Ech wëll heimadder ausdrécklech begréissen, dass eis Kolleegin Renée Wagener virun e puer Woche schonn dru geduecht huet fir d'Ministesch ze interpelléieren an nach eng Kéier op d'Schwieregkeeten anzegoen, déi mer bei der Ëmsetzung vun de Quoten, deene 5% an den öffentlechen Entreprisen an deenen 2 bis 4% an de privaten Entreprisen, hunn. Ech mengen, do gesi mer wéi grouss d'Schwieregkeet ass.

Dat ass och d'Fro, déi een de Mëtteg kënnt stellen un déi zoustänneg Ministesch, wéi et da mat de Sanktiounen ass. Ech froe mech dat ëmmer, wéi da versicht gëtt fir emol Exempelen ze schafen, souwuel am öffentlechen, well do schéngt et mer evident ze sinn, mä ech denken och am private Secteur. Och wann effektiv leider Gottes keng verlässlech Zuele virleien, wéi et mat de Sanktiounen ass, déi een effektiv emol eng Kéier misst spille loossen, fir dann och do e bëssen Damp ze maachen.

Ech menge besonnesch dëst Joer 2003 wär eng Année propice fir vläicht och e bësse méi contraignant an där Richtung virzegoen. Ech wëll dann awer och soen, dass an der Integratioun en anere Punkt fir eis enorm wichteg ass, deen elo net direkt ofgedeckt ass duerch dëst Gesetz, an dat ass dat, wat sech um schoulesche Plang ofspillt. Ech denken, dass et do noutwendeg ass. Mäin éischte Versuch fir d'Regierung ze interpelléieren zu dem Sujet vun der Integratioun an de Schoulen ass jo gescheitert, well déi zoustänneg Ministesch gemengt huet, dass dat net néideg wär.

Ech wëll also de Mëtteg nach eng Kéier, no deem Bréif, dee mer geschriwwen hunn, eise Wëlle soen, dass et déck Zäit gëtt, dass mer hei um Niveau vum Parlament eppes maachen. Ech menge mir kréien eng gutt Geleeënheet am Rahmen vun der Interpellatioun Gira, fir iwwert de gesamte Bilan, wann ech dat gutt verstanen hunn, iwwer all d'Facettë vun där Année européenne du handicap hei ze schwätzen.

Nach virun e puer Deeg, et ass nach net laang hier, ass en oppene Bréif vun enger ganzer Rei vun Associatiounen, déi sech vill Méi maachen, an et ass keen einfacht Gebitt, op deem se schaffen, un déi zoustänneg Ministesch gemaach ginn, wou se wierklech de Virworf erhiewen, dass déi Integratioun vu Kanner mat spezifesche Bedürfnisser amgaangen ass zu enger - ech zitéieren - „traureger Farce“ auszeaarten.

Hei geschitt eng Ségrégation systématique. Déi Projeten, déi vum Schoulgesetz virleien, dat Recht, wat mer geschafen haten, wéinstens en Usaz vu Recht, fir dass d'Elteren och wierklech kënne matschwätzen, fir net emol ze soe mat décidéieren, sinn amgaangen a Fro gestallt ze ginn, ënnerhielegt ze ginn. Duerfir, mengen ech, ass et an deem ganze Beräich vun de behënnerte Persoune ganz héich Zäit fir déi Diskussioun hei ze féieren an dofir ze suergen, dass mer hei op allen Niveauen, souwuel wéi gesot wat d'Matsproocherecht vun den Elteren a vun de Betraffenen ubelaangt, wéi och wat déi Fro ubelaangt wéi et vun der Primärschoul an de Secondaire weidergeet, wéi d'Programmer do sinn, wat fir eng Méiglechkeeten de SREA huet fir wierklech hei och deene spezifesche Bedürfnisser do gerecht ze ginn, wéi mer et och fäerdeg brénge fir d'Enseignantë mat an dat Boot do eranzehuelen duerch eng adequat Formatioun, duerch eng Motivatioun, fir wierklech hei mat an déi Richtung ze goe fir der Integratioun, déi mengen ech am Noutwendegsten ugeet, souwuel fir déi behënnert Persoune selwer wéi och fir déi aner Kanner, déi hei Wäerter mat op de Wee ze ginn, déi enorm wichteg sinn, dass mer och wierklech dat favoriséieren.

An dofir hoffen ech, dass déi zoustänneg Unterrechtsministerin hir Scheiklappen hei ofdeet a bereet ass oppen an éierlech hei dee Bilan ze maachen an ze kucken, wéi mer deem gerecht gi wat an de Regierungserklärungen, och am Gesetz vu '94 oder '95 dra stoung iwwert d'Intégration scolaire.

Summa summarum: Mir schätzen dat heiten an als e wichtegen, richtege Schrëtt an déi richteg Richtung. Ech hunn dann awer 1991, den 9. Oktober, nach eng Kéier nogekuckt wat deemools beim Débat iwwert den deemolege Projet de loi 3336 zu den Travailleurs handicapés gesot ginn ass, an do ass mer e Saz opgefall, deen ech zum Schluss wëll zitéieren. Deen huet Folgendes gesot: „All déi vill a schéi Rieden, déi bei alle méiglechen an onméigleche Geleeënheete gehale ginn, hëllefen näischt wann déi, déi se halen, selwer duerch hiert Behuele weisen, dass se net dru gleewen.“

Dee Saz staamt vun der deemoleger Rapportrice vum Gesetz. Et war keng aner wéi d'Kolleegin Marie-Josée Jacobs. Ech denken, wa mer et fäerdeg bréngen an eisen eegene Käpp och dofir ze suergen, där Integratioun hei Been ze maachen, dass mer dann an déi richteg Richtung ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Lux. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Nagel. Dir hutt d'Wuert, Madame Nagel.

***(Suite de la 71e séance au Compte rendu N° 21)***

**Chambre des Députés**

Compte rendu officiel

***Supplément commun aux quotidiens:***
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

***Contenu rédactionnel:***
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

***Conception, saisie de texte et mise en page:***
Polygraphic SA, Luxembourg

***Concept et coordination générale:***
BRAIN&MORE, agence en communication, Luxembourg

# QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

**COMPTE RENDU N° 20 / 2002-2003**

## Sommaire des questions parlementaires


| Question N° | Auteur | Objet |
|---|---|---|
| 2225 | Marco Schank | Mesures de sécurité à respecter par les organisateurs de manifestations culturelles et sportives |
| 2235 | Lucien Lux | Aide à la création d'entreprise accordée aux demandeurs d'emploi |
| 2237 | Marc Zanussi | Contournement de Dippach |
| 2239 | Robert Garcia | Brevetabilité des inventions mises en œuvre par ordinateur (Rapport McCarthy) |
| 2257 | Mars Di Bartolomeo | Orientations budgétaires |


Question 2225 (17.6.2003) de M. Marco Schank *(CSV)* concernant les mesures de sécurité à respecter par les organisateurs de manifestations culturelles et sportives:

Lors d'un concert de musique populaire du groupe britannique «Massive Attack» à la patinoire de Luxembourg-Kockelscheuer le 7 juin dernier, les organisateurs n'avaient prévu qu'une entrée principale, dont la largeur ne mesurait que quelques mètres. Cette porte d'entrée servait en même temps de sortie pour les spectateurs à l'issue du concert. Il est en outre à préciser que des buvettes mobiles et autres stands étaient érigés à proximité de cette entrée/sortie principale. Ces stands n'auraient pas garanti une sortie rapide des spectateurs en cas de panique ou d'accident grave. Il ne faut pas préciser qu'une sortie principale pour un public aussi nombreux à l'occasion du concert du 7 juin est largement insuffisante dans l'optique des incidents potentiels pouvant survenir.

Dans ce contexte, j'aurais aimé savoir de Monsieur le Ministre du Travail et de Monsieur le Ministre de l'Environnement:

Quelles sont les mesures de sécurité à respecter par les organisateurs de manifestations culturelles ou sportives destinées à un public nombreux? Y a-t-il des règlements en la matière? Dans l'affirmative, quels sont ces derniers?

Existe-t-il un lien entre l'autorisation de pouvoir organiser une manifestation culturelle ou sportive et les mesures de sécurité à respecter à l'occasion d'une telle manifestation?

Quelle est l'autorité ministérielle ou autre qui est en charge des contrôles des mesures de sécurité à respecter par les organisateurs?

Est-ce que des contrôles sont effectués avant, durant ou après la manifestation?

Réponse (8.8.2003) de M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi:*

Le règlement grand-ducal du 16 juillet 1999 portant nomenclature et classification des établissements classés tel que modifié par les règlements grand-ducaux du 21 février 2000 et du 7 mars 2003, fixe sous le point 311 «Salles de spectacles», les différents établissements servant à l'organisation de manifestations, dans les classes 1, 2, 3 et 4.

Pour les établissements des classes 1 et 3, une autorisation d'exploitation est chaque fois nécessaire de la part du Ministre de l'Environnement et du Ministre du Travail et de l'Emploi.

Les établissements de la classe 2 tombent sous la compétence du bourgmestre.

Pour les établissements de la classe 4, une déclaration est à établir par l'organisateur. Les conditions d'exploitation sont déterminées par règlement grand-ducal, qui est en cours d'élaboration.

Les conditions d'exploitation y comprises les mesures de sécurité pour les manifestations organisées dans les établissements concernés des classes 1 et 3 sont fixées dans l'arrêté délivré par le Ministre du Travail et de l'Emploi.

A ces fins, des prescriptions spécifiques établies par l'Inspection du Travail et des Mines et regroupées dans la condition type ITM-CL 54.1 «Salles de réunions, de spectacles et de fêtes» déterminant les conditions d'exploitation ainsi que les mesures de sécurité, font, entres autres, partie intégrante de l'arrêté ministériel. En plus, selon le genre d'établissement (par exemple les tentes) ou bien suivant des aménagements spécifiques, des conditions supplémentaires sont prescrites.

Avant la première ouverture au public de l'établissement destiné à des manifestations, l'organisateur est obligé de charger un organisme agréé tel que défini au règlement ministériel concernant l'intervention d'organismes de contrôle dans le cadre des compétences et attributions de l'Inspection du Travail et des Mines, de procéder à une réception de l'établissement. Cette réception prévoit le contrôle de toutes les conditions, dont notamment les mesures de sécurité, qui sont reprises dans l'autorisation d'exploitation. Le résultat de ladite réception est arrêté dans un rapport de contrôle.

Pendant la présence du public, une surveillance contre l'incendie ainsi qu'une permanence de secours doivent être généralement organisées ensemble avec les services d'intervention locaux. A cet effet les services de secours compétents doivent être avertis des dates et heures d'exploitation des manifestations.

Question 2235 (25.6.2003) de M. Lucien Lux *(LSAP)* concernant l'aide à la création d'entreprise accordée aux demandeurs d'emploi:

Une aide à la création d'entreprise peut être accordée par le Ministre du Travail aux demandeurs d'emploi indemnisés qui sont particulièrement difficiles à placer. Il ressort du rapport d'activité 2002 de l'Administration de l'Emploi qu'au cours de l'année 2002 le nombre de demandes admises pour l'octroi de cette aide s'élève à 8.

Dans ce contexte, j'aimerais dès lors poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre:

- Combien de demandes sont parvenues à l'ADEM?

- Combien de refus ont été prononcés et pour quelles raisons?

- Estimant que le nombre de demandes admises est assez modeste, est-ce que Monsieur le Ministre n'entend pas promouvoir davantage la création d'entreprises?

Réponse (6.8.2003) de M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi:*

Il résulte des dispositions de l'article 21 du règlement grand-ducal du 17 juin 1994 fixant les modalités et conditions d'attribution 1. des aides à la mobilité géographique; 2. d'une aide au réemploi; 3. d'une aide à la création d'entreprises; 4. d'une aide à la création d'emplois d'utilité socio-économique que les demandes d'aide sont adressées au Ministre du Travail et de l'Emploi.

Si l'Administration de l'Emploi ne se trouve donc pas saisie directement des demandes proprement dites, il y a lieu de signaler que les demandes de renseignement (à l'Administration de l'Emploi et au Ministère du Travail et de l'Emploi) sur le mode de calcul de l'aide et les conditions d'octroi à remplir sont assez fréquentes. Le fait que le nombre de demandes finalement présentées et admises est modeste s'explique par les conditions d'octroi relativement sévères. Le vrai nombre de demandes et la différence avec les décisions favorables est d'autant plus difficile à évaluer que beaucoup d'intéressés ne se manifestent plus en cours de route.

Quant au point 2 soulevé dans la question parlementaire, il y a lieu de noter qu'une demande a été refusée au motif que l'autorisation de commerce présentée n'était pas établie au nom du demandeur de l'aide.

Beaucoup de demandeurs d'emploi s'abstiennent de créer une entreprise du fait du délai d'indemnisation requis de respectivement 6 et 3 mois. La même remarque est valable pour les demandeurs d'emploi non indemnisés tombant sous l'application des dispositions du paragraphe 3 de l'article 18 du règlement grand-ducal actuellement en vigueur.

Il y a lieu de souligner par ailleurs que la liquidation de l'aide à concurrence des dépenses en relation avec la création justifiées par la production de factures acquittées constitue l'obstacle majeur du fait que souvent, les personnes visées ne disposent pas des fonds nécessaires au financement de ces investissements.

Quant à la troisième question, le PAN 2001 mentionne la perspective d'un assouplissement des conditions d'octroi:

«adaptations de l'aide à la création d'entreprise par des chômeurs:

La réglementation fixant les modalités et conditions d'attribution d'une aide à la création d'entreprise sera modifiée dans le sens d'une uniformisation des conditions d'octroi pour demandeurs d'emploi et chômeurs indemnisés, d'une inscription obligatoire des candidats à des cours de formation offerts par les Chambres professionnelles, d'une augmentation du montant de l'aide et d'une simplification des procédures, notamment en vue de faciliter l'accès à des prêts bancaires».



Question 2237 (26.6.2003) de M. Marc Zanussi *(LSAP)* concernant le contournement de Dippach:

Ayant récemment participé à une réunion avec les citoyens de Dippach sur le thème du trafic routier dans leur commune, j'aimerais soumettre à Madame la Ministre les interrogations de la population quant au contournement de Dippach.

Le Gouvernement a-t-il déjà décidé la construction du contournement de Dippach?

Dans l'affirmative, quelles sont les convictions qui ont motivé le Gouvernement à prendre une telle décision?

Quel est le tracé retenu?

Quelle variante le Gouvernement propose-t-il?

Le Gouvernement entend-il informer la population de l'évolution de ce dossier?

Réponse (8.8.2003) de Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics:*

En réponse à la question parlementaire de l'honorable député Monsieur Marc Zanussi je puis fournir les précisions suivantes:

A l'heure actuelle aucune décision n'est prise sur la construction du contournement de Dippach.

L'Administration des Ponts et Chaussées propose un tracé au Sud de Dippach en continuation du contournement de Bascharage.

Le collège échevinal de la commune a été informé du tracé proposé et des pourparlers à cet égard auront lieu avec tous les concernés avant qu'un tracé définitif ne soit retenu.

Question 2239 (30.6.2003) de M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)* concernant la brevetabilité des inventions mises en œuvre par ordinateur (Rapport McCarthy):

En septembre prochain, le Parlement européen à Strasbourg va débattre en première lecture d'une proposition de directive «concernant la brevetabilité des inventions mises en œuvre par ordinateur» (Rapport McCarthy). Dans ce contexte et en rapport avec les débats afférents au Conseil, je souhaite connaître la position du Gouvernement luxembourgeois:

- Quelle est la position du Gouvernement sur l'introduction des brevets logiciels au niveau communautaire? Soutient-il cette introduction? Si oui, dans quelles limites?

- Quel est l'avis du Conseil National de la Propriété Intellectuelle? Est-ce que le Gouvernement pourrait transmettre son dernier avis à la Chambre des Députés?

Réponse (31.7.2003) de M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie:*

La brevetabilité des programmes d'ordinateurs n'est pas exclue par la législation actuelle, l'exclusion figurant dans la Convention sur le brevet européen et dans la loi luxembourgeoise sur les brevets se limitant aux programmes d'ordinateurs „en tant que tels". L'Office européen des brevets a délivré un nombre important de brevets portant sur des inventions mises en oeuvre par ordinateur et a établi une jurisprudence en ce domaine. Il n'est donc pas exact de dire que la proposition de directive introduit les brevets logiciels au niveau communautaire. En effet, la directive vise à consolider et à clarifier la situation juridique actuelle pour éviter des développements divergents dans les Etats membres. Elle précise notamment qu'une invention mise en oeuvre par ordinateur doit apporter une contribution technique pour être brevetable.

Le Gouvernement soutient cette initiative d'harmonisation et de clarification du droit. Il est cependant d'avis qu'il doit être assuré que les méthodes destinées à l'exercice d'activités économiques („business methods") ainsi que les inventions à faible degré d'inventivité ne soient pas brevetables. Les amendements à la proposition de directive proposés dans le rapport du 18 juin 2003 de la Commission juridique et du marché intérieur du Parlement européen (Rapport McCarthy) vont dans cette direction.

Il faut souligner qu'il est difficile d'évaluer l'impact économique de la brevetabilité des logiciels. Les diverses études effectuées les dernières années au niveau européen ne permettent pas de démontrer un effet positif ou négatif sur la capacité innovatrice de l'industrie informatique en général et des PME en particulier. L'exemple des Etats-Unis, qui connaît la brevetabilité des programmes d'ordinateurs et des „business methods" sans restrictions, n'est pas concluant non-plus. Pour cette raison, la proposition de directive prévoit un examen régulier des effets de la directive.

Le Gouvernement a suivi avec intérêt la consultation publique sur le sujet de la brevetabilité des logiciels organisée par la Commission européenne en octobre 2000. Des milieux intéressés luxembourgeois ne se sont cependant pas manifestés auprès de mon ministère. Un avis du Conseil National de la Propriété Intellectuelle n'a pas été demandé.

Question 2257 (9.7.2003) de M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)* concernant les orientations budgétaires:

Depuis une vingtaine d'années les départements gouvernementaux ont élaboré leurs orientations budgétaires à l'occasion du débat sur l'état de la Nation. Ces documents avaient constitué la base pour l'élaboration du budget de l'Etat pour l'année suivante.

Or, force est de constater que le Gouvernement a omis cette année de transmettre ses orientations budgétaires au Parlement, et ceci malgré les rappels de la part du Parlement respectivement des parlementaires.

J'aimerais dès lors savoir de Monsieur le Ministre quelles sont les raisons de cet «oubli»?

Le Gouvernement a-t-il l'intention de transmettre les documents au Parlement?

Réponse (6.8.2003) de M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget:*

Le Ministère des Finances a communiqué les orientations budgétaires lui transmises par les départements au Parlement.

**Compte rendu des séances publiques**
**N° 21 – Session ordinaire 2002-2003**

71e séance, mardi 15 juillet 2003
72e séance, mercredi 16 juillet 2003
73e séance, mercredi 16 juillet 2003

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

# NOUVELLES LOIS

## 4863B - Projet de loi

modifiant la loi modifiée du 27 novembre 1980 ayant pour objet la création d'une administration de l'environnement

Les dispositions du présent projet de loi ont initialement fait l'objet du projet de loi 4863 modifiant:

a) la loi du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

b) la loi modifiée du 27 novembre 1980 ayant pour objet la création d'une administration de l'environnement.

Ce projet initial a été, par la suite, scindé en deux. La présente partie concerne uniquement l'administration de l'environnement ; elle vise à modifier certaines dispositions organisationnelles de cette administration. Il ne s'agit donc pas d'une refonte fondamentale de la loi organique de l'administration, mais de quelques adaptations ponctuelles. En bref, les modifications proposées par le Gouvernement concernent :

1. la direction de l'administration : en l'état actuel de la législation, le directeur et les directeurs adjoints de l'administration de l'environnement doivent faire partie de la carrière de l'ingénieur. Cependant, conformément au principe d'égalité, l'accès au poste de directeur et de directeur adjoint ne doit pas être limité au personnel de la carrière supérieure technique de l'administration, mais doit aussi être accessible au personnel de la carrière supérieure administrative de l'administration. La modification proposée abolira cette discrimination entre carrière supérieure administrative et carrière supérieure technique.

2. la création de la division des Etablissements Classés : en l'état actuel de la législation, l'administration de l'environnement comprend, outre la direction, trois division : eaux, air et bruit, déchets. L'organisation interne de l'administration comprend aussi un service des Etablissements Classés. Etant donné l'importance de ce service au sein de l'administration et le nombre élevé d'agents qui y sont affectés, il est justifié de consacrer son existence par une loi.

3. les différentes carrières auprès de l'administration : l'article 6 est revu dans son intégralité afin de le mettre en concordance avec la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'Etat.

4. l'abolition d'une condition supplémentaire de formation: en l'état actuel de la législation, l'accès aux grades 14 et suivants dans la carrière de l'ingénieur au sein de l'administration de l'environnement est réservé aux ingénieurs justifiant d'une spécialisation acquise par un cycle d'études d'au moins un an sanctionné par un ou plusieurs diplômes ou certificats. Les conditions d'avancement dans la carrière de l'ingénieur ne sont actuellement plus justifiées et une modification législative est nécessaire.

Dépôt par M. Charles Goerens, Ministre de l'Environnement, le 07.11.2003

Rapporteur: M. Gusty Graas

Travaux de la Commission de l'Environnement (Président: M. Emile Calmes):

| | |
|---|---|
| 15.01.2002 | Désignation du rapporteur |
| 19.03.2002 | Présentation du projet de loi |
| 14.01.2003 | Examen du projet de loi |
| 22.01.2003 | idem |
| 23.01.2003 | idem |
| 10.07.2003 | Présentation et adoption du projet de rapport |

Vote en séance publique: 16.07.2003

## 5115 - Projet de loi

portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux en matière de dessins ou modèles, signé à Bruxelles, le 20 juin 2002

Le Protocole du 20 juin 2002 portant modification de la loi uniforme Benelux en matière de dessins ou modèles (LBDM), dont l'approbation fait l'objet du présent projet de loi, vise principalement à transposer la directive communautaire No 98/71/CE du 13 octobre 1998 qui harmonise les législations nationales en matière de protection juridique des dessins ou modèles.

Ces législations sont très divergentes en ce qui concerne les conditions et la durée de la protection des dessins ou modèles. La directive, qui a été négociée parallèlement à un règlement communautaire instaurant un titre unitaire - le dessin ou modèle communautaire -, entend faciliter la vie des créateurs européens pour protéger leur design au-delà des frontières nationales en unifiant les conditions d'obtention et la durée de la protection à travers l'Union Européenne. Les critères de protection retenus sont la nouveauté et le caractère individuel. Ils sont précisés dans le nouvel

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live

**Chamber TV**

och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op

**www.chd.lu**

mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

article 1er de la LBDM. La durée maximale de protection a été fixée à 25 ans à partir du dépôt (15 ans sous l'ancienne LBDM).

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 04.04.2003

Rapporteur: M. John Schummer

Travaux de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports (Président: M. John Schummer):

02.07.2003 Désignation du rapporteur

08.07.2003 Examen du texte du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat

Présentation et adoption du projet de rapport

Vote en séance publique: 16.07.2003

## 5130 - Projet de loi

modifiant le chapitre V „Relations avec les prestataires de soins" du livre Ier du Code des assurances sociales

L'article 2 du projet de loi introduit l'indexation automatique des tarifs des prestataires de soins exerçant en régime libéral. A cet effet, il modifie l'article 66 du Code des assurances sociales afin de lier les valeurs des lettres-clés des nomenclatures des médecins, médecins-dentistes et des prestataires exerçant une profession de la santé, à l'évolution du nombre indice du coût de la vie et de la valeur du point indiciaire des fonctionnaires.

L'article 6 propose de créer la base légale pour procéder, par dérogation aux conditions de l'article 65, alinéas 6, 10 et 11 du CAS à une adaptation sélective des tarifs de la nomenclature des médecins et médecins-dentistes par voie de règlement grand-ducal, tout en fixant à cette adaptation extraordinaire des tarifs médicaux un plafond de 6,7% de la masse des coefficients servant à la détermination des tarifs médicaux. Cette revalorisation sélective des tarifs correspond à une augmentation moyenne de 6,62%; elle a été évaluée à 6,65 des honoraires pour les médecins et à 6,47% pour les médecins-dentistes. Il s'agit en particulier d'une majoration du tarif des actes techniques pour nuit, dimanches et jours fériés, d'une revalorisation des actes généraux des médecins (consultations des médecins généralistes et consultations dans certaines spécialités) et d'une revalorisation de certains actes techniques des médecins et médecins-dentistes.

Par ailleurs, le projet de loi regroupe certaines modifications ponctuelles du Code des assurances sociales ayant notamment trait aux dispositions relatives au calendrier de négociation.

Dépôt par M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, le 15.05.2003

Rapporteur: M. Niki Bettendorf

Travaux de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale (Président: M. Niki Bettendorf):

11.06.2003 Désignation du rapporteur

01.07.2003 Présentation et examen du projet de loi

14.07.2003 Examen de l'avis du Conseil d'Etat
Présentation et adoption du projet de rapport

Vote en séance publique: 17.07.2003

## 5143 - Projet de loi

portant modification des articles XXIV et XXX de la loi modifiée du 12 février 1999 concernant la mise en oeuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998

Le projet de loi prévoit la prorogation, au-delà du 31 juillet 2003, des dispositions ayant trait au congé parental. A cet effet, il propose d'abroger l'alinéa 2 de l'article 19 de la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales, loi introduite par l'Article XXIV de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du PAN 1998.

Par ailleurs, le projet de loi modifie l'article XXX de la loi du 12 février concernant la mise en œuvre du PAN 1998 afin de proroger à durée déterminée respectivement à durée indéterminée certaines dispositions dont la validité était limitée au 31 juillet 2003.

Le premier alinéa du nouveau paragraphe (4) de l'article XXX proroge à durée indéterminée la validité des dispositions relatives au sexe sous-représenté, aux incitations financières pour les employeurs et à l'obligation de consigner le résultat des négociations d'une convention collective de travail en matière d'organisation du travail, de formation, d'effort en matière d'emploi et d'égalité des chances entre hommes et femmes.

Le deuxième alinéa du nouveau paragraphe (4) de l'article XXX proroge, pour une nouvelle période de quatre ans, en l'occurrence jusqu'au 31 juillet 2007, la validité des dispositions relatives à l'organisation du travail. A l'instar de ce qui avait été prévu initialement dans la loi du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du PAN 1998, il sera procédé à une évaluation des effets des dispositions en question sur le marché de l'emploi luxembourgeois pour une période d'observation se terminant le 31 décembre 2006.

Dépôt par M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, le 20.05.2003

Rapporteur: M. Marcel Glesener

Travaux de la Commission spéciale «Plan d'action national en faveur de l'emploi» (Président: M. Marcel Glesener):

14.07.2003 Désignation du rapporteur

Examen de l'avis du Conseil d'Etat

Présentation et examen d'un projet de rapport

Adoption du projet de rapport

Vote en séance publique: 16.07.2003

## 5158 - Projet de loi

portant renforcement du cabinet des juges d'instruction près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg et portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

Le projet de loi poursuit un triple objectif:

- augmenter, au vu de l'augmentation très substantielle, durant ces dernières années, du nombre des dossiers traitant d'infractions à caractère économique ou financier, le nombre des juges d'instruction du tribunal d'arrondissement de Luxembourg de trois unités, dont deux unités à partir du 16 septembre 2003 et une unité à partir du 16 septembre 2004; cette augmentation, combinée avec celle prévue pour le 16 septembre 2004 par la loi sur le recrutement pluriannuel du 24 juillet 2001, portera le nombre total des juges d'instruction du tribunal d'arrondissement de Luxembourg, y compris le juge directeur, à treize en septembre 2004;

- permettre à des magistrats plus expérimentés d'être candidats à un poste de juge d'instruction, en permettant également aux vice-présidents du tribunal d'arrondissement de briguer un poste de juge d'instruction;

- revaloriser le poste de juge d'instruction directeur près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg, qui, au vu de sa responsabilité particulière, sera désormais classé au grade M5 au lieu du grade M4.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 20.05.2003

Rapporteur: M. Marcel Sauber

Travaux de la Commission juridique (Président: M. Laurent Mosar):

09.07.2003 Désignation du rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 16.07.2003

# MARDI, 15 JUILLET 2003 — 71E SÉANCE (SUITE)

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**
**M. Paul-Henri Meyers, Doyen d'âge**

## Ordre du jour (suite)

6. 4827 - Projet de loi relatif aux personnes handicapées et portant modification
   1. de la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat, 2. de la loi du 22 avril 1966 portant réglementation uniforme du congé annuel payé des salariés du secteur privé,
   3. de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum,
   4. de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet,
   5. de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales,
   6. de la loi modifiée du 27 juillet 1987 concernant l'assurance pension en cas de vieillesse, d'invalidité et de survie,
   7. de la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois,
   8. de la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension et
   9. du Code des assurances sociales

   *(Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motions - Votes)*
7. 4801 - Projet de loi sur la violence domestique portant modification 1) de la loi du 31 mai 1999 sur la police et l'inspection générale de la police; 2) du code pénal; 3) du code d'instruction criminelle; 4) du nouveau code de procédure civile

   *(Rapport de la Commission de l'Egalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motion - Vote)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs et M. Henri Grethen, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

***(Suite de la 71e séance du Compte rendu N° 20)***

Mme Maggy Nagel *(DP)*.- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Text fir déi handicapéiert Matbierger maache mir jo wierklech e grousse Schrëtt a Richtung Integratioun. Et ass e Schrëtt, dee mat Rechter a mat Flichte verbonnen ass. Et ass e Schrëtt deen dozou bäidréit, aus den Handicapéierten en integrale Bestanddeel vun eiser Gesellschaft ze maachen. An et ass e Schrëtt dee weist, datt d'Solidaritéit an eiser Gesellschaft effektiv fonctionnéiert an net just en eidelt Wuert ass.

D'Mënsche sinn alleguerte fräi an hunn alleguerten déiselwecht Rechter a Flichten. Och behënnert Mënschen hunn Usproch, déi voll politesch, wirtschaftlech, kulturell a sozial Rechter ze notzen.

Wa mir vu Chancëgläichheet a Fräiheet an eiser Gesellschaft schwätzen, dann ass dat eppes wat mir besonnesch och bei behënnerte Matmënsche musse bedenken an am alldeegleche Mateneen applizéiere mussen. Mir wëssen datt dat méi einfach gesot wéi gemaach ass. Mä mir dierfen et net bei dem Constat loossen. Statistesch Donnéeë weisen eis, datt de Bildungs- a Beschäftegungsniveau bei behënnerte Mënschen an Europa am Duerchschnëtt ganz niddreg ass. Hei schéngt et also esou ze sinn, datt déi eng sozial Schwächt eng aner bedéngt, nämlech d'Aarmutt.

Virun dësem Hannergrond ass dëse Projet, dee mir haut hei diskutéieren, dofir a mengen Aen enorm

wichteg, well e justement dee Cercle vicieux do ze duerchbrieche versicht. D'Bildung a Beschäftegung ass bei valide wéi bei invalide Matmënschen de Schlëssel fir déi sozial Integratioun.

Här President, an der sougenannter Déclaratioun vu Madrid aus deem leschte Joer, déi d'Konklusioune vum europäesche Behënnertekongress beinhalt a wou déi Behënnert selwer Visioune mat op de Wee ginn hu fir Aktiounen am Kader vum europäesche Joer vun de Mënsche mat Behënnerungen ze starten, kann een noliesen, datt déi Behënnert eng nei Approche préconiséieren. Et ass eng Approche déi a Richtung Emanzipatioun geet. Et ass eng Approche déi seet, datt de Behënnerten en onofhängege Bierger ass, deen net an alle Fäll Leit brauch déi iwwert hie bestëmmen, mä deen, wann et nëmme méiglech ass, selwer wëll bestëmmen. Et ass eng Approche déi de Behënnerten net als Patient ugesäit, mä als e Mënsch, deen trotz Handicap onofhängeg Entscheedungen treffe kann; als e Mënsch deen et ka fäerdeg brénge, mat senge Fäegkeeten a mat der Ënnerstëtzung vu sengem Ëmfeld aus der Ofhängegkeet eraus ze kommen.

Mir mussen dës Iwwerleeungen eescht huelen. Mir mussen dofir och eis Approche vis-à-vis vun de behënnerte Matmënschen iwwerdenken, wech vun der gutt gemengter Bevirmondung an der Virsuerg hin zur Selbstbestëmmung, hin zur Participatioun.

An dësem Projet sinn esou Elementer vu Participatioun a Selbstbestëmmung enthalen, déi meng Fraktioun begréisst. Ech denken hei zum Beispill dorunner, datt mir richtegerweis net méi bei den Ateliers protégés, déi méi wéi 15 Leit beschäftegen, eng getrennten Delegatioun vun den handicapéierten Aarbechter virgesinn, sou wéi dat bis elo urspréinglech geplangt war, mä datt mir déi Handicapéiert an déi normal Delegatioun integréieren, sou datt sech also hei den Droit commun applizéiere léisst.

Ech denken hei awer och besonnesch dorunner, datt mir dem Conseil supérieur des Personnes handicapées e legale Statut ginn. E Conseil, dee meng Fraktioun als enorm wichteg ugesäit an deen et den handicapéierte Matmënschen erlaabt, hir Intérêten als Konsultativorgan vun der Regierung besser zur Geltung ze bréngen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Konklusioune vum europäesche Sommet zu Lissabon vum 23. a 24. Mäerz 2000 fuerderen déi europäesch Memberstaten dozou op, fir déi sozial Integratioun ze suergen, déi sech duerch d'Beschäftegungs-, d'Bildungs-, d'Ausbildungs, d'Gesondheets- an d'Wunnengspolitik déclinéiert. Donieft sollen an dëse Beräicher prioritär Moossname fir bestëmmten Zilgruppe geholl ginn, wéi zum Beispill behënnert Matmënschen.

Dëse Projet ass esou eng Mesure. D'Rapportrice huet an hirem schréftlechen a mëndleche Rapport, fir deen ech hir am Numm vu menger Fraktioun merci soen, dorop higewisen, datt et hei drëm geet, op där enger Säit déi handicapéiert Matbierger, bei deenen dat méiglech ass, mat engem Salaire a Richtung wirtschaftlech Onofhängegkeet ze bréngen, an op där anerer Säit déi handicapéiert Matbierger, déi net à même si wéinst hirem Handicap ze schaffen, aus enger sozial prekärer Situatioun eraus ze huelen.

Ech wëll net méi op all déi eenzel Mesuren agoen, déi mir an der Familljekommissioun an deene leschte Méint diskutéiert hunn. Eent ass awer aus dësen Diskussioune kloer ervirgaangen: Et gëtt immens ënnerschiddlech Situatiounen, an deenen déi Handicapéiert sech befannen. Situatiounen, déi et noutwendeg maachen, datt mir e ganz nuancéiert gesetzlechen Dispositiv fir si en place setze mussen. Et gëtt eben net ee bestëmmten Typ vun Handicapéierten, mä et gëtt ganz vill Typen, mat ganz ënnerschiddlechen Handicapen, mat enger ganz ënnerschiddlecher Gravitéit, op déi mir ganz differenzéiert Äntwerte musse ginn.

Datt et net eng Äntwert eleng gëtt, kann ee ganz däitlech un den Zuelen an Donnéeën erausliesen, déi am leschte Rapport d'activités vum Familljeministère publizéiert goufen. An erlaabt mir emol an dësem Kontext vun dëser Plaz aus all deene Leit an Associatiounen am Numm vu menger Fraktioun merci ze soe fir deen Asaz, dee si all Dag am Déngscht vun den handicapéierte Matbierger op alle Gebidder weisen. Si verdéngen eis vollsten Unerkennung en Ënnerstëtzung. Et ass wichteg datt et si gëtt an datt si all Dag mat hirem Asaz dofir suergen, datt déi handicapéiert Matmënschen hir Plaz an eiser Gesellschaft fannen.

Et ass dofir och wichteg datt mir eise gesetzlechen Dispositif esou upassen, datt kee vun de behënnerte Matbierger vergiess gëtt oder einfach tëschent Paragraphe fält. Well si sinn déi déi sech net, beziehungsweis am mannste wieren oder hëllefe kënnen. Dofir muss ee Gesetz och prezis sinn, fir datt op all déi ënnerschiddlech Situatioune propper ka reagéiert ginn a fir datt en fin de compte kee vun hinnen duerch dat soziaalt Netz fält.

Här President, zu der Philosophie vum Projet ass allgemeng ze soen, datt et richteg ass datt mir, wa mir vun Integratioun schwätzen, den handicapéierte Matmënschen och déiselwecht Rechter a Flichten operleeën. Sou ass et richteg, wann een de Statut als Travailleur handicapé huet, datt ee sech dann och bei der ADEM aschreiwe muss an datt een dann net einfach eng Aarbecht refuséiere kann, wa si engem sengen Attituden entsprécht.

Et ass och richteg datt mir op de Wee gaange si fir d'Travailleurs handicapés ënnert d'Protectioun vum normalen Aarbechtsrecht ze setzen a si als normal Salariéen ze behandelen, andeems een hinnen e ganz normale Contrat de travail gëtt.

Am Artikel 6 vum Projet de loi ass virgesinn, datt d'Commission d'orientation et de reclassement professionnel en Travailleur handicapé entweder op den normalen Aarbechtsmaart oder a Richtung Atelier protégé orientéiere kann. Och hei mengen ech, datt mir richteg leie wa mir soen, datt d'Aufgabe vun der Commission médicale an der Commission d'orientation sech net iwwerlappe sollen. D'Commission médicale décidéiert doriwwer, ob een de Statut als Travailleur handicapé kritt oder net, beziehungsweis ob een de Revenu als Personne gravement handicapée kritt. Dat ass eng kloer Léisung am Sënn vun alle Betraffenen.

Et ass och gutt datt mir op Ureegung vum Conseil d'Etat preziséiert hunn, datt déi Entscheedunge vun der Commission médicale periodesch iwwerpréift kënne ginn, sou datt een effizient dorobber reagéiere kann, wa sech Ännerungen am Laf vun der Zäit erginn hunn, wann d'Aarbechtscapacitéite vun engem Handicapéierte geännert hunn.

Ech erhoffe mir och, datt de Placement vun den Travailleurs handicapés beim Stat, Gemengen an Etablissements publics, awer och bei Privatentreprisen sech an Zukunft nach verbessert. Ronn 50 Leit si jo laut dem Aktivitéitsrapport vum Ministère tëschent 1999 an 2002 beim Stat beschäftegt ginn, woubäi dat uviséiert Zil jo 5% am öffentlechen Déngscht ass. Am Privatsecteur soll et jo esou sinn, wéi am Artikel 10 preziséiert ginn ass, datt 4% Travailleurs handicapés bei Entreprisen, déi méi wéi 300 Mataarbechter hunn, mussen agestallt ginn, 2% bei deenen, déi op d'mannst 50 Mataarbechter hunn, an 1%, wou bis zu 25 Leit schaffen. Hei gëtt et ganz sécher nach vill Efforten ze maachen, woubäi mer wëssen, dass d'Schwieregkeet déi ass, fir och genuch Poste fir déi behënnert Leit ze fannen, beziehungsweis d'Aarbechtsbedingungen esou ze adaptéieren, dass si och behënnertegerecht sinn.

Dat ass nämlech a mengen An sécherlech net bei all de Betriber einfach esou machbar, och wann d'Konditioune fir Travailleurs handicapés anzestelle verbessert gi sinn, sief et um Niveau vun deem wat de Stat de Gemengen, den CFL, den Etablissements publics oder de Privatentreprisen zréckbezuele kann, sief et um Niveau vun den Hëllefen, déi an Usproch kënne geholl gi fir d'Aarbechtsplazen unzepassen, oder d'Formatioun, den Transport an esou weider ze organiséieren.

Am Artikel 12 ass de Projet dofir a mengen Aen extrem däitlech vis-à-vis vun den Employeuren aus dem Privatsecteur, wou dës musse 50% vun engem Mindestloun all Mount als Kompensatioun un den Trésor bezuelen, wa si hire gesetzlechen Obligatiounen net nokommen, fir Behënnert anzestellen. Dat ass eng Mesure, déi net nei ass, an déi schonn am Gesetz vun 1991 enthale war. Et bleift awer, dass déi Dispositioun um Pabeier zimlech contraignant ass. Dofir mengen ech, muss een emol ofwaarden, ob se dann och déi gewënschten Effekter erziilt, wa se konsequent applizéiert soll ginn. E Risiko kënnt jo dee sinn, dass d'Betriber dann éischter bereet sinn déi Tax ze bezuelen, wéi en Handicapéierten anzestellen, woumadder mer erëm näischt fir déi Handicapéiert gemaach hätten.

En anere Risiko ass awer deen, op deen d'Chambre de Commerce an hirem Avis vum 10. Mäerz 2003 iwwert d'Regierungsamendementer opmierksam gemaach huet, ech zitéieren: „Ces dispositions, qui ne tiennent pas compte de la nécessité effective des entreprises du secteur privé d'engager du personnel, sont des dispositions autoritaires, qui ne se soucient pas du fait que les entreprises du secteur privé, qui sont généralement la propriété de personnes privées engageant leur capital personnel en vue de la réalisation d'un objet social déterminé, dans un but lucratif, ne peuvent se permettre une gestion déficitaire sous peine de risquer la faillite avec toutes les conséquences que cela entraîne au niveau de l'emploi du personnel de l'entreprise concernée".

Ech mengen, dass dës Ausso ëmsou méi beuechtenswäert ass wat de Betrib méi kleng ass. Et muss een also dofir och mat deem néidege Fangerspëtzegefill a mengen Aen hei virgoen, fir justement net kleng Betriber an déi vun der Chambre de Commerce beschriwwe Situatioun ze bréngen. Doniewent mengen ech, dass dann awer déi öffentlech Hand misst mam gudde Beispill virgoen, an dat heescht, dass si hire Soll vu 5% Prozent sollen erfëllen, ier d'Privatentreprisen zum Bezuele vu Stroftaxe gezwonge ginn.

Här President, ofschléissend wëll ech soen, dass meng Fraktioun ausdrécklech begréisst, dass mir och deene Leit aus der Prekaritéit eraus verhëllefen, déi esou grave handicapéiert sinn, dass se kenger Aarbecht kënnen nogoen. Duerch d'Schafe vun engem Revenu pour personnes gravement handicapées verhëllefe mir deene Leit zu méi Autonomie an ekonomescher Onofhängegkeet. Datselwecht gëllt och fir déi Leit, déi, obwuel si Travailleur handicapé sinn, keng Aarbecht fannen. Och si wäerten an Zukunft d'Recht hunn op de Revenu pour personnes gravement handicapées, wann hir eege Revenuen ënnert deem Seuil leien.

Här President, ech mengen, dass mir mat dësem Projet e wichtege Schrëtt a Richtung méi Autonomie, méi Solidaritéit, méi Unerkennung a méi Partizipatioun vun den handicapéierte Matbierger maachen. Et ass e Projet, deen dozou bäidréit, d'Rechter an d'Flichte vun de validen an invalide Matmënsche kloer ze definéieren, deen d'Leit responsabiliséiert, an deen den allgemengen Zilsetzunge vun den handicapéierte Vereenegungen zu Lëtzebuerg an Europa entsprécht. Et ass och e Projet, deen d'Barriären tëschent de validen an invalide Matbierger ofbaut, an deen déi handicapéiert Matbierger net méi als eng Randgrupp vun eiser Gesellschaft, mä méi wéi jee als en integrale Bestanddeel vun eiser Gesellschaft ugesäit.

Dofir, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, wëll ech och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi hei bréngen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Madame Nagel. Nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Merci, Här President, et ass gutt, dass mer kee chargéierte Programm hunn. Da kann ech haut emol eng Kéier an aller Rou meng Riedezäit ganz ausnotzen.

***(Interruption)***

Jo gutt, wann dat net sollt erwënscht sinn, kann ech mech och méi kuerz faassen. Ech kommen Iech gären do entgéint.

Virop wëll ech awer der Madame Rapportrice félicitéiere fir hiren ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport, wou ech weess, dass deen awer zustane komm ass duerch eng gutt a kohärent Zesummenaarbecht an der zoustänneger Kommissioun.

De Projet, dee mir hei virleien hunn, ass e Projet, deen eng gesellschaftspolitesch Envergure huet, och wann en den Uschäin huet, wéi wann e sech nëmme géif op Ateliers protégés an op d'Aarbechtswelt bezéien. Behënnert ze sinn, egal ob dëst duerch en Aarbechts- oder soss en Accident geschitt ass, oder ob een et vu Gebuert un ass, mécht et schwéier sech an onser Gesellschaft zurecht ze fannen, zemools well mer als Gesellschaft vläicht d'Ausmoossen ënnerschätzt hunn, an och Problemer haten, aner Leit, déi e bëssen anescht si wéi mir, ze akzeptéieren, an och vläicht net drop virbereet waren, dass eis schnelllieweg, profitorientéiert an zum Deel rücksichtslos Gesellschaft och kënnt Affer fuerderen. A wéi et eis endlech bewosst ginn ass, hu mer eis awer nach schwéier gedoen, fir eis Infrastrukturen den effektive Bedürfnisser vun de Behënnerten unzepassen. A wann ech vun Infrastrukture schwätzen, dann ass dat esouwuel am Beräich vun öffentleche Gebailechkeeten, Stroosseninfrastrukturen, awer och Ergonomie op der Aarbechtsplaz. Net ze vergiessen, dass all Plan d'aménagement général oder particulier, sief et op Landes-, regionalem oder kommunalem Niveau misst dem Behënnerte senge Bedürfnisser integral Rechnung droen, an dass besonnesch öffentlech Gebailechkeete mussen dem Behënnerten en onkomplizéierten Zougank garantéieren, wat mer jo gesetzlech geregelt hunn a lues a lues schéngen an de Gréff ze kréien, och wann et nach net esou séier virugeet.

Et ass bedauerlech, dass mer awer grad bei eis zu Esch mat der Haaptpost, déi eréischt viru Kuerzem renovéiert ginn ass, wierklech en negatiivt Beispill hunn, wéi e Gebai behënnertenongerecht kann ausgesinn, an do schéngt et mer, wéi wann och eng Kéier muss agewierkt ginn, dass dat sech ännert.

Här President, och wat d'Unerkennung vum Statut als Behënnerten ubelaangt hu mer relativ laang gebraucht, fir déi néideg gesetzlech Kritäre festzeleeën. Et ware ganz oft Privatinitiativen, déi sech an den Déngscht vun de Behënnerte gestallt hunn, ier de Stat dann d'Noutwendegkeet vun der Betreiung agesinn huet, an déi néideg Hëllefen an Infrastrukturen zougestanen huet, an dofir wëll ech och dat nach eng Kéier hei ënnersträichen, wat hei gesot ginn ass, als Félicitatioun un d'Direktioun vun deenen Organisatiounen, déi sech wierklech fir déi Behënnert agesat hunn, ouni lukrativen Hannergedanken, an dat wierklech ëmmer am Interesse vun der Saach.

Mat dësem Gesetz sollen elo verschidde behënnertgerecht Kritäre festgeschriwwe ginn, zum Beispill ënnert wat fir enge Bedéngungen dass een als Behënnerten unerkannt gëtt, wéi een an den Aarbechtsmaart integréiert gëtt, wat d'Responsabilitéit vun de Betriber ass, wien Urecht op eng Indemnitéit huet, a wat fir enger Héicht an esou weider.

Et ass wichteg, dass mir déi kloer Kritären hunn, wien als Behënnerten unerkannt gëtt, well an deem Beräich esouguer déi medezinesch Avisë sech ganz oft widderspriechen. Eng medezinesch an Orientéierungskommissioun sollen dat elo regelen, andeem se engersäits iwwert d'Unerkennung vum Behënnertestatut befënnt, an anerersäits esouwuel de Prozentsaz vun der Behënnerung wéi och de Montant vum Revenu fir de Behënnerte festleet.

Wat mech awer an deem Zesummenhank e bësse stéiert an och net kloer ass, dat ass, dass wann e Behënnerten e Revenu kritt, dass dat wuel net esou gehandhaabt gëtt wéi den RMG, mä dass awer de Stat spéider, wann dee Behënnerten iergendeng Propriétéit oder en Haus zum Beispill huet, dorobber kann zréckgräifen.

***(Interruption)***

Mir schwätzen elo hei vun der Ierfschaft, wann e Behënnerten en Haus huet, an e stierft, an et ass en direkten Ierwen do, dann ass et net wéi beim RMG, da gëtt d'Hypothéik net iwwerschriwwen, et gëtt keng Hypothéik gemaach, dann hëlt de Stat dat Haus ganz. Dat ass an dësem Gesetz net kloer, an dat misst Der mer herno erklären, Madame Minister. Do misst awer da Klorheet geschafe ginn.

D'Indemnitéit oder de Revenu vum Behënnerte kann awer nëmmen definitiv festgeluecht ginn, wann dem Behënnerte seng Situatioun sech esou stabiliséiert huet, dass d'Medeziner sech och kënne festleeën. Am anere Fall kann een nëmmen Iwwerganksmesuren treffen, an do ass et och wichteg, dass an déi Richtung kloer Kritäre virleien. Well just wann eng Situatioun net kloer ass, kënnen duerch Interpretatiounswidderspréch sozial Ongerechtegkeeten entstoen. Dëst kënnt besonnesch seng Wichtegkeet am Kader vum Gesetz vun der Réinsertion professionnelle, deem neie sougenannten Invalidegesetz, hunn, wou jo déi sollen duerch en Handicap aarbechtsonfäeg Leit erëm an den Aarbechtsmaart integréiert ginn. Dat ass am Fong de Gros vun deene Leit, déi deelweis behënnert sinn, a wou mer solle versichen, se erëm an de Betrib zréckzekréien. Hei gëtt et an der Ëmsetzung eng Rei Problemer, besonnesch wat d'Unerkennung vum Handicap an d'Reintegratioun an d'Aarbechtswelt ubelaangt.

Och wann elo vun den zoustännege Ministeren eng Revisioun vun deem Gesetz ugekënnegt ginn ass, mussen déi nei Mesuren och integral mat dem Gesetz, wat mer haut stëmmen, iwwerenee stëmmen.

Et ass wichteg, datt e Behënnerten eng Aarbecht kritt, déi senge Capacitéiten entsprécht, eng Aarbecht déi ëm seng Selbstwäertgefiller erëmgëtt, an domadder och säi Selbstvertraue stäerkt. Et ass

normal, datt wann eng adequat Aarbecht do ass, e se muss unhuelen, datt en erëm en integrale Bestanddeel vum normale Beruffsliewen an domadder vun der Gesellschaft gëtt. Dofir ass et wichteg, datt kloer ass, datt déi Ateliers protégés als Iwwergangsléisung ugesi gi fir de Behënnerten erëm ze integréieren.

De Problem, dee mir natierlech an de Betriber hunn, ass, datt si et elo schonn net fäerdeg brénge Leit, déi an hirem Betrib geschafft hunn a behënnert gi sinn oder eng Invaliderent kritt hunn a wëllen erëmkommen, erëm ze integréieren, awer mat alle Moyene versiche sech deene Leit ze entleedegen, an dofir wäert et ganz schwéier si fir Behënnerten ze integréieren.

Wat och richteg ass, ass datt déi Modalitéite bestoe bleiwen a souguer ausgebaut ginn, déi dem Employeur opdroen, en Deel vu Behënnerten a sengem Betrib ze beschäftegen, fir zu enger Integratioun vun de Behënnerten an der Aarbechtswelt bäizedroen, well behënnert kann ee jo och ginn duerch den direkten Impakt vu senger Aarbechtsplaz, duerch Ëmweltschied, déi duerch Industrië verursaacht ginn, respektiv Beruffskrankheeten, déi duerch den Aarbechtsoflaf provozéiert gi sinn. Et ass also nëmmen normal, datt hei eng kollektiv Responsabilitéit gefuerdert gëtt, wou och den Employeur säin Deel muss iwwerhuelen. Ech deelen do guer net d'Appréciatioun vun der Chambre de Commerce, déi mengt, d'Betriber géifen dodru Faillite goen. Ech mengen, dat ass net de Fall. Et ass nach kee Betrib un engem Sozialan Aarbechtsrecht Faillite gaangen. Au contraire, de soziale Bäitrag an och de Bäitrag fir sozial Integratioun mussen eng Pflicht fir d'Betriber sinn.

De Stat gëtt mat engem Prozentsaz vu 5% Behënnerte vu senge Beschäftegten an den Institutioune sollicitéiert, während am Privatsecteur e variablen Taux jee no der Gréisst vum Betrib festgeschriwwen ass. Betriber mat iwwer 25 Beschäftegte mussen ee Behënnerte beschäftegen. Iwwer 50 sinn 2% vun der Belegschaft gefuerdert, an iwwert 300 4%, wann d'ADEM behënnert Salariéen ageschriwwen huet, déi de spezifesche Betribsbedürfnisser entspriechen. Dat ass awer am Fong eppes, wat ee mer nach muss erklären, wann d'ADEM behënnert Salariéen ageschriwwen huet, déi de spezifesche Betribsbedürfnisser entspriechen. Esou steet et wuel am Gesetz, mä do hätt ech awer gären eng Prezisioun, wat domadder gemengt ass. Wann d'ADEM keng huet, dann ass de Betrib net sollicitéiert, oder ech hunn iergendeppes falsch verstan.

Wann e Betrib natierlech méi wéi déi verlaangte Quot vu Behënnerte beschäftegt, ass et scho richteg, datt en iwwert de Wee vun der Décharge vun der Part partronale bei der Sozialversécherung belount gëtt. Et ass nëmme richteg, datt dat soziaalt Engagement belount gëtt, besonnesch wann et am Zesummenhang mat Behënnerten a sozial Benodeelegte steet.

Och d'Verpflichtung vun den Employeuren dem Arbeitsamt Plazen ze mellen, déi eventuell vu Behënnerte kënnte besat ginn, ass eng sozial wichteg Mesure, mä schéngt mer awer an der Praxis schwéier novollzéibar.

All dës Mesurë kënnen awer nëmmen duerch eng gutt strukturéiert Motivatiounscampagne bei den Employeuren zum Droe kommen, well och wann am Gesetz Strofe festgeluecht gi fir déi Employeuren, déi sech net deene Bestëmmungen ënnerwerfen, ass et dach awer gewosst, datt ee mat Knëppele keng Vulle fänkt.

Motivatioun, awer doniewent och Kontroll sinn ubruecht, fir dës Mesuren an d'Praxis ëmzesetzen. Kontroll dierf awer net nëmmen eng Aufgab vun der ADEM oder der Gewerbeinspektioun sinn, dës Kontroll misst eigentlech och eng Aufgab si vun de Personaldelegatiounen, oder besser nach, si kéint eng Aufgab vun den Délégués à l'égalité des chances an de Betriber sinn. Ech sinn nämlech net der Meenung, datt déi Delegéiert sech just ëm d'Gläichberechtegung tëschent Mann a Fra solle këmmeren. Hir Aufgab kéint oder misst souguer sinn, sech och ëm d'Integratioun vun de Behënnerten ze këmmeren, fir datt am Kader vun der Integratioun vun de Behënnerte gläichberechtegt Chancen am Betrib garantéiert ginn. Dat wär also och eng Aufgab vun den Délégués à l'égalité. Déi missten da mam Employeur zesumme kucken, wou een nach kéint Behënnerter asetzen, well si jo de Betrib awer am beschte kennen.

Am Gesetz iwwert d'Réinsertion professionnelle sinn zum Beispill d'Kritäre festgeluecht un Hand vun deenen den Employeur muss mat dem Aarbechtsmedeziner zesummen analyséieren, wou ee kéint Behënnerter ënnerbréngen. Dat ass awer haaptsächlech geduecht fir Salariéen, déi schonn am Betrib geschafft hunn, an duerch eng länger Krankheet oder en Unfall behënnert erëmkommen. Dat Gesetz hei soll dëst generaliséieren am Kader vun deem bestëmmte Prozentsaz vu Behënnerten, déi ee muss beschäftegen, awer och am Kader vun der Ergonomie muss dofir gesuergt ginn, datt dem Behënnerte seng Aarbechtsplaz senge Besoinen ugepasst gëtt.

Och wär et eng Missioun vun den Délégués à l'égalité mat dofir ze suergen, datt Behënnert, déi duerch en Aarbechtsonfall oder en Accident an de Betrib wëllen zréckkommen, erëm kënnen opgeholl ginn, wat net ëmmer de Fall ass. Dofir misst och eng Kéier gekuckt ginn, wéi d'Betriber dat kënne maachen an d'Moyene misste geschafe ginn, datt se zumindest déi Leit erëmhuelen, déi bei hinnen am Betrib waren. Dofir misst den Délégué à l'égalité awer am Virfeld consultéiert ginn, ier e Betrib kann den zoustännegen Instanze matdeelen, ob Plaz ass fir behënnert Leit oder net. Dëse Kontrollmechanismus feelt an dësem Gesetz, esou wéi en och am Gesetz iwwert d'Réinsertion professionnelle net virgesinn ass.

Wa mer wierklech wëllen, datt eng optimal Integratioun vun de Behënnerten an d'Beruffswelt soll garantéiert sinn, da mussen all d'Mechanismen anenaner gräifen, an zu deene Mechanisme gehéieren och d'Vertrieder vum Personal an de Betriber, besonnesch d'Délégués à l'égalité des chances - ech kommen ëmmer erëm drop zréck -, déi domadder vläicht méi Aarbecht kréien, Aarbecht déi awer menger Usiicht no an hir Kompetenz fält, wat awer natierlech bedéngt, datt se dann eng spezifesch Formatioun musse kréien, wa se där zousätzlecher Verantwortung solle gewuess sinn, Formatioun am Beräich vun Ergonomie, am Behënnerteberäich an och eng Formatioun fir mat Mënsche kënnen ëmzegoen, déi e schwéiert Schicksal hanneru sech hunn.

Et dierf een net vergiessen, datt all Betrib profitorientéiert ass, an dofir och vun de Behënnerten en Deel Leeschtung verlaangt ass, Leeschtung, déi se awer nëmme kënne bréngen, wa se optimal encadréiert sinn, well och wa mer eng Kommissioun hei duerch d'Gesetz kreéiere fir d'Integratioun vu Behënnerten an d'Aarbechtswelt, geet awer näischt iwwer eng direkt Betreiung um Terrain. Mir missten an deem Sënn zousätzlech légiféréieren a Moyene schafen, déi et de Personaldelegatiounen an de Gläichheetsdelegéierten et géingen erméiglechen, d'office an d'Kontrollmechanisme vun der Integratioun vun de Behënnerten implizéiert ze ginn, an dofir wëll ech hei eng Motioun deponéieren, déi d'Regierung opfuerdert an deem Sënn ze légiféréieren, datt och d'Personaldelegatioune kënnen an der Integratioun vun de Behënnerten d'office implizéiert ginn. Dëst soll am Fong als eng vun den Aufgabe vun de Personaldelegéierte bei der Reform vun der Gesetzgebung iwwert d'Personaldelegatioun erabruecht ginn.

***Motion 1***

*D'Volleksvertriederkummer*

*an der Suerg eng optimal Integratioun vu Behënnerten an d'Aarbechtswelt ze garantéieren;*

*stellt fest, datt d'Personaldelegatiounen am Betrib selwer keng direkt Kontrollméiglechkeet am Zesummenhang mat der Integratioun vun de Behënnerten hunn;*

*an der Iwwerzeegung, datt en direkt Abanne vun de Personalvertrieder bei der Integratioun vu Behënnerten an d'Betriber seng Wichtegkeet huet;*

*fuerdert d'Regirung op*

*gesetzlech Méiglechkeeten ze schafen, déi et de Personalvertrieder, respektiv den „délégués à l'égalité des chances" am Betrib erlaben, vu vireran an d'Kontrollmechanisme vum Integratiounsprozess vun de Behënnerten impliziéiert ze ginn;*

*de Personaldelegéierten, bei engem Refus e Behënnerten erëm am Betrib ze beschäftegen, en Asprochrecht zouzegestoen.*

*(s.) Aly Jaerling, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes.*

Här President, wa mer de Behënnerten an d'Aarbechtswelt integréiert hunn, ass eis Missioun awer net um Enn, well en och muss op d'Aarbecht kommen, an do spillen aner Facteuren eng wichteg Roll. Et geet schonn doheem un, wou de Behënnerte sech muss fräi kënne beweegen an de Wee op d'Aarbecht liicht kann ugoen. Do stellt d'Fro sech, ob all Behënnerten d'Méiglechkeet huet seng Wunneng no senge spezielle Bedürfnisser auszebauen. Si mer am Kader vun der Pflegeversécherung esou wäit, datt mer dëst kënnen all Behënnerte garantéieren? Wa mer de Rehazenter endlech kréien - ech hoffen, datt dat iergendwann eng Kéier geschitt - si mer dann à même genau wéi zu Nottwill an der Schwäiz de Behënnerten esou ze encadréieren, datt während där Zäit wou en am Rehazenter ass, seng Wunneng scho senge Bedürfnisser ugepasst gëtt, fir wann en do eraus kënnt seng Wunneng him ugepasst ass, ouni datt et en awer zousätzlech eppes kascht?

Wann de Behënnerten da vun doheem fortfiert oder fortgeet fir op seng Aarbecht, sinn all Viraussetzungen do, fir him ee problemlose Wee op d'Aarbecht ze garantéieren? Si beim Betrib, wou e schafft, Plaze fir Behënnerter virgesinn, fir datt en esou no wéi méiglech bei seng Aarbechtsplaz eru ka kommen? Ass den öffentlechen Transport esou ausgebaut, datt him déi Méiglechkeete gi sinn? Ass den Zougang an de Betrib behënnertegerecht ausgebaut?

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Dat sinn alles Problemer, déi mir scho säit Jore versichen ze léisen, mä et wäert awer nach e laangwierege Prozess ginn, an deem all sozial a wirtschaftlech Komponente mussen anenaner gräifen, fir datt dat ka méiglech sinn.

Här President, mir hu schonn eng Rei Gesetzer verabschiet fir alle Matbierger eng optimal Integratioun an eis Gesellschaft an an eis Aarbechtswelt ze garantéieren.

Dës Initiativen dierfen och no dësem Gesetz net ophéieren, well sech ëmmer nei Erausfuerderunge stellen. Eis Gesellschaft ass schnelllieweg. Eis Ëmwelt- an Aarbechtsbedingunge ginn ëmmer méi schlecht, anstatt besser. De Profit steet leider virun der Gesondheet. De Partikularegoismus steet ëmmer méi iwwert der Nächsteléift. D'Isolatioun an d'Depressioun sinn negativ Aspekter an eiser Gesellschaft. Dat ass haut net méi ze verleegnen.

Gesetzer wéi dat heite sollen deem Ophëllef bréngen, mä dëst kann nëmmen duerch e Mentalitéitswiessel an eiser Gesellschaft erreecht ginn. D'Joer vun de Behënnerte soll eis also als Denkustouss déngen. Ech hoffen, dass d'Motivatioun fir ze hëllefen a fir och an deem Sënn weiderzefueren net an der Silvesternuecht vum Joer 2003 am Schnaps verleeft. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. « Mat dësem Gesetz si mer Virreider an Europa », huet d'Madame Marie-Josée Jacobs gemengt wéi se eis an der Familljekommissioun de Projet de loi, dee mer haut wäerten ofstëmmen, presentéiert huet. Et stëmmt, dass hei um materielle Plang behënnert Persounen als Aarbechtskräfte gläichgestallt ginn an dat wäert sech ganz sécher och op hir sozial Situatioun positiv auswierken, an dat ass och de Grond firwat mir dëse Projet selbstverständlech kënne mat stëmmen.

Ech mengen awer, datt et sech hei ëm eng agegrenzte Vue vum Problem handelt, dass d'Problematik vum Aarbechtsliewen eigentlech méi vaste ass wéi dat Feld, dat deen heite Projet de loi ofdeckt. An ech wéilt hei nach eng Kéier en Zitat bréngen, wat ech schonn op dëser Tribün bruecht hunn, vum Josef Hecken, dem saarländesche Statssekretär fir d'Ëmsetzung vum Gläichstellungsgesetz op Landesebene, deen am Mäerz bei enger Konferenz um Kierchbierg gesot huet: „Vom Tollhaus des 19. Jahrhunderts zur Werkstatt für Behinderte, das kann nicht der ganze Weg sein, sondern höchstens eine Zwischenstation."

Hien huet gemengt, dass Ënnerdréckung sech och a ganz subtiler Form als Verdrängung vun de Behënnerten aus der Gesellschaft kéint äusseren. Ech wéilt net esou wäit goe fir ze soen, dass en Atelier protégé esou eng Form vun Ënnerdréckung wär, mä et bestinn awer eng ganz Rei Risiken, wann ee sech ze vill op deem Terrain beweegt, fir behënnerte Leit Aarbechtsméiglechkeeten an Ateliers protégés ze ginn, während awer am „richtegen" Aarbechtsliewe keng Moossnamen zur Integratioun geholl ginn. Ech wéilt mech dofir och net mam Gesetz selwer befaassen oder nëmme ganz wéineg, wat mer haut solle stëmmen, wou mer wéi gesot mat der Approche averstane sinn, mä vill méi mat deem wourop dëst Gesetz net ageet.

Fir d'éischt emol fir unzefänke vläicht de Constat, datt et zu Lëtzebuerg am Beräich vum Handicap nach ëmmer eng ganz Rei vu Gesetzeslücke gëtt. Et gëtt zwar eng Rei vu Gesetzer, mir hunn der och an der lescht gestëmmt wéi dat iwwert den Zougank zu den öffentleche Gebaier. En eelert Gesetz aus de 70er Joren ass dat iwwert d'Schoulpflicht fir behënnert Kanner an et gëtt nach verschidden anerer, mä et ass awer scho vun enger Rei vu Leit festgestallt ginn, dass mir zu Lëtzebuerg keng Loicadre hunn, déi och e globaalt Konzept géif liwwere fir d'Integratioun vun de Behënnerten an eis Gesellschaft. Ech denken, dass mäi Kolleeg Camille Gira, wann hien am Hierscht seng Interpellatioun hei hält, och nach eng Kéier op dee Sujet wäert zréckkommen.

Esou eng Loi-cadre ass zum Beispill elo an Däitschland agefouert ginn. Ähnlech Texter gëtt et schonn an den USA an och an England. Déi Gläichstellungsgesetzer gi vun der Prémisse aus, dass net e kierperlecht oder psychescht Leiden d'Behënnerung duerstellt, mä dass d'Ausgrenzung vun der Ëmwelt opgrond vu spezifesch perséinleche Bedürfnisser am Fong d'Behënnerung ass.

Déi Gesetzer hunn dann och dräi Haaptziler: Éischtens déi gläichberechtegt Participatioun um gesellschaftleche Liewen. Zweetens d'Besäitegung vu Benodeelegungen an drëttens d'Recht op e selbstbestëmmend Liewen.

Konkret bedeit dat dann och, dass öffentlech Gewaltenträger sech musse verpflichte fir, wat an Däitschland genannt gëtt, d'Schafung vu Barrierefreiheit, zum Beispill beim öffentlechen Transport, beim Zougank zu Bauten, beim Zougank zur Schoul an zur Universitéit, bei de Medien oder och fir an de Wahlbüro. Dat heescht awer och, an domat wär ech dann erëm beim Sujet, deen eis haut méi spezifesch interesséiert, e gläichberechtegten Zougank zur Beruffswelt. A wann deen heite Projet fir eng finanziell Gläichstellung an Unerkennung sécherlech ganz sënnvoll ass, dann ännert en awer net onbedéngt eppes Substanzielles um Zougank zur Beruffswelt fir behënnert Leit.

Den Här Lux war esou fein an hat virdru schonn op meng Question parlementaire higewisen. Ech wollt do och nach eng Kéier méi am Detail drop agoen. Ech hat nämlech gefrot awéiwäit dat Gesetz vun 1991, wat jo eng Aart Quotesystem virgesäit, eigentlech géif applizéiert ginn.

Do ass mer zum Beispill geäntwert ginn, dass mer Enn 2002 souzesoen 2.800 unerkannten Travailleurs handicapés haten. An aneren Texter fanne mer, datt mer an deemselwechte Joer oder Enn 2002 280 Chômeurs handicapés haten. Wann een do d'Rechnung mécht, da kënnt een op e Chômagetaux vun 10%. Wahrscheinlech läit en awer vill méi héich, well eng Rei vun deene Leit, déi an den Ateliers protégés sinn, eigentlech léiwer wéilten um éischten Aarbechtsmaart schaffen. Dobäi kënnt dann nach, dass eng ganz Rei vu Leit sech net an de Chômage mellen, well se vläicht och eng ganz Rei vu Mesuren einfach emol guer net an Usproch huelen.

Ech wéilt vläicht do dann och en Zitat aus där Äntwert op meng Question parlementaire ginn, wat mer awer eng ganz Rei vu Froe schéngt opzewerfen. Hei steet dann: «Depuis l'entrée en vigueur de la loi du 1er janvier 1992 jusqu'au 30 septembre 2002, le service des travailleurs handicapés de l'administration de l'emploi n'a pas encore eu à traiter avec des employeurs refusant de respecter l'obligation légale d'embauche de travailleurs handicapés."

Et ass virdru jo erkläert ginn, dass eigentlech d'Employeure gehale sinn déi Quot ze erfëllen, a wa si dat net maachen, da mussen si eng Strof bezuelen. Wat heescht awer elo dee Saz - an d'Madame Familljeministerin ka mer e vläicht herno erklären? Heescht dat, dass d'Employeure souwisou all hir Strofe bezuelen, déi déi sech net dorunner halen? Oder gëtt net kontrolléiert? Ech fäerten, dass et dat zweet ass an ech wäert herno nach en anert Zitat zu deem Thema bréngen.

An där Äntwert op meng Question parlementaire steet awer och, dass 1995 dee leschten a wahrscheinlech och eenzege Recensement gemaach ginn ass zu deem Sujet. Wann ee sech dann de Plan d'action ukuckt vun 1997, da fënnt een do eraus, dass net nëmmen de Stat, d'Gemengen an d'Etablissements publics sech net un déi Quot gehalen hunn, dat kréie mer och schonn an der Äntwert op d'Ques-

tion parlementaire gesot, mä dass 25 bis 30% guer net geäntwert hunn. Dass am Secteur communal bei deenen, déi da geäntwert hunn, 52 Persounen agestallt waren - dat wier en Taux vun 0,82% -, an am Secteur public 101; dat wier en Taux vun 2,83%.

Deemools war d'Situatioun wahrscheinlech nach vill méi esou, dass vill Leit eben net am Chômage gemellt waren, respektiv iwwerhaapt emol net den Usproch op eng Unerkennung als Travailleur handicapé erhuewen hunn, esou dass déi Zuele vläicht och mat Virsiicht ze genéisse sinn. Mä trotzdeem seet et eppes aus iwwert déi Situatioun deemools.

Et kënnt dann nach e ganz interessant Zitat dobäi iwwert de Secteur privé, dat liesen ech lech och vir: «Les membres du groupe de travail estiment que des modifications législatives introduites par le ministre compétent puissent» - an iwwert dee Subjonctif kann ee sech vläicht och nach Gedanke maachen, wat deen eigentlech op dëser Plaz ausseet - «contribuer à promouvoir la politique en matière d'intégration professionnelle des travailleurs handicapés (par exemple mettre en application l'article 10 de la loi sur les travailleurs handicapés, à savoir le versement d'une amende au trésor public en cas de non-respect des quotas d'emplois).» Meng Interpretatioun dovunner ass, dass dat effektiv weder kontrolléiert nach agehale gëtt, déi Saach mat deene Strofen.

Ech fannen et och ganz erstaunlech, datt am Fong eréischt zënter dem leschten Oktober, nämlech an deem Gesetz wat hei gestëmmt ginn ass iwwert d'Incapacité de travail et la réinsertion professionnelle, festgehale ginn ass, datt vun elo un emol géife Rapportë gemaach ginn iwwert d'Anhale vun der Astellungsobligatioun. Ech weess net, ob entre-temps schonn Zuelen do zu Stane komm sinn. Zënter dem Oktober si jo schonn eng Rei vu Méint vergaangen, an ech géif eigentlech mengen, do hätt scho kënne Verschiddenes geschéien.

Ech géif dann awer dovun ausgoen, dass do nach keng Auswäertung stattfonnt huet, an an deem Sënn hunn ech och eng Motioun preparéiert, déi am Fong op déi Punkten do ageet an déi net nëmme seet, dass soll e Rapport gemaach ginn iwwert d'Evolution statistique an deem Beräich, an dat net nëmme fir déi lescht Joren, mä da vläicht vu '95 un, fir datt mer och eng kleng Vergläichsbasis hunn, an déi och géif differenzéieren tëschent dem Secteur public a privé an och d'Zuelen uginn iwwert déi Leit, déi an den Ateliers protégés schaffen.

Da froen ech och an där Motioun, dass soll eng Evaluatioun gemaach gi vun där Applicatioun vum Artikel 10, an dann nach dobäi, dass d'Regierung eis Propositioune presentéiert, vu datt mer elo hei gesinn dass deen Artikel 10, respektiv d'Anhalung vun deem Quotesystem bis elo net gutt fonctionnéiert huet, ob een net awer muss iwwer méi contraignant Mesuren nodenken, respektiv méi streng Sanktiounen, dass d'Regierung eis do soll Propositioune virleeën.

An déi lescht Fuerderung, déi an där Motioun enthalen ass, dat ass déi fir nozedenken iwwert d'Méiglechkeeten, ob een déi Mesures contraigantes net awer och misst op de Secteur public ausdehnen.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*- que la loi du 12 novembre 1991 sur les travailleurs handicapés prévoit un quota d'emploi concernant les personnes handicapées;*

*- que cette obligation d'employer un certain nombre de personnes handicapées incombe aussi bien aux services publics qu'au secteur privé;*

*- que l'article 10 de ladite loi prévoit qu'"en cas de refus d'un employeur du secteur privé d'embaucher le nombre prescrit de handicapés, une taxe de compensation équivalente à 50% du salaire social minimum est à verser chaque mois au Trésor public par ledit employeur";*

*- que cette obligation légale d'embauche n'a jusqu'ici fait l'objet que d'un seul recensement, à savoir en 1995;*

*- que ce recensement a montré que l'obligation légale d'embauche n'a pas été respectée dans le secteur public;*

*- que la loi du 25 juillet 2002 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle prévoit que „le service des travailleurs handicapés de l'Administration de l'Emploi établit des rapports sur le respect ou non par l'employeur des obligations d'emploi de travailleurs handicapés";*

*invite le Gouvernement*

*- à lui présenter dans les meilleurs délais un rapport sur l'évolution statistique depuis 1995 de l'embauche de personnes handicapées en différenciant entre les secteurs public et privé ainsi que les ateliers protégés;*

*- à lui présenter dans ces mêmes délais une évaluation de l'application de l'article 10 de la loi de 1991;*

*- à lui présenter, face à l'inefficacité de la loi de 1991, des propositions de mesures plus contraignantes voire de sanctions plus sévères pour transposer l'obligation d'embauche;*

*- à réfléchir sur les possibilités d'étendre les mesures contraignantes au secteur public.*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Här President, et ass nämlech duerchaus och denkbar, an an Däitschland hunn ech dat gesinn, dass am Secteur public och Strofe verhaange ginn. Ech weess net ob si en anere System hu wéi mir, mä si brëngen et op all Fall fäerdeg fir och bei den öffentleche Betriber Strofen ze verhänken. Wéi déi dann iwwerwise ginn oder ob se einfach am Budget ofgehale ginn, dat kann ech leider net feststellen.

Mä wat awer interessant ass, dat ass datt, wann d'Patronen hir Suen net iwwerweisen, dann och en Zahlungsbescheid kënnt an datt dann d'Suen agedriwwe ginn, souwuel bei private wéi eben och bei öffentleche Patronen. An dat schéngt mer zum Beispill eng Suggestioun ze sinn, déi een awer kéint opgräifen, wann ee sech Gedanken driwwer mécht, ob een dat '91er Gesetz net soll iwwerschaffen.

Ech wéilt hei eng Klammer opmaachen. Ech krut vu kompetente Leit gesot, dat '91er Gesetz géif et no dësem Dag net méi ginn. Effektiv gëtt dat abrogéiert an an engem vun deene leschten Artikelen, an deem Artikel deen duerno kënnt, gëtt awer gesot, dass déi heite Mesurë bestoe bleiwen. Sou datt mer awer wësse wouvun datt mer hei schwätzen.

Mir sinn also ganz kloer der Meenung, dass eng Reform vum 91er Gesetz sech opdrängt an d'Fro muss awer hei ganz haart gestallt ginn: Firwat ass dat net am Kader vun dësem Gesetzesprojet, dee mer haut stëmmen, geschitt? Firwat ass déi dote Problematik einfach ausgeklamert ginn?

Vläicht an deem Kontext och e kuerzt Wuert zum Avis vun der Chambre de Commerce. Ech hunn dat extrem grave fonnt wat déi Chamber hei zu deem Thema ze soen hat, haaptsächlech eben och zu der Problematik vun de Patronen, dass déi kënnen do sanktionéiert ginn, wa se hir Quot net erfëllen. Do gëtt am Fong déi ersatzlos Sträichung vun deene Mesuren, déi an deem Gesetz virgesi sinn, gefuerdert. Sou wéi wann dee Problem d'Patronen näischt géif ugoen. Sou wéi wann et keng sozial Verantwortung vun de Betriber hei zu Lëtzebuerg géif ginn.

Här President, ech wéilt just eng Klammer och zum Projet de loi selwer opmaachen, vun deem mer haut eigentlech schwätzen, an dat ass d'Thema vun der Personaldelegatioun. Den Här Jaerling hat dat elo grad ugeschwat. Effektiv stelle sech do Problemer. Am Ufank war jo virgesinn, dass eng spezifesch Delegatioun fir déi handicapéiert Leit géif agefouert ginn. A wéi ech d'Texter gelies hunn, an och verschidde Virriedner hei gehéiert hunn, oder Virriednerinnen, dunn hunn ech am Fong gemierkt, datt do haaptsächlech ëmmer un d'Ateliers protégés geduecht ginn ass. Wann een den Text zwar liest, dann denken ech géif sech dat och op normal Betriber applizéieren. Mä d'Fro stellt sech op alle Fall generell, well mer elo einfach erëm zréckkomm sinn op den Droit commun, also keng spezifesch Delegatioun fir handicapéiert Leit virgesinn hunn, wéi datt se da vertruede wäerte sinn. Ob et esou evident ass, datt si ëmmer gewielt ginn an eng Personaldelegatioun. Wéi si kënnen an déi Personaldelegatioun erakommen, wann en net awer do och spezifesch Mesurë virgesäit.

An do wär mäi Wonsch am Fong, dass mer vläicht och nach eng Kéier géifen driwwer nodenken - den Här Jaerling huet gemengt, dat kéint een an deem anere Gesetz iwwert d'Personaldelegatioun maachen -, wéi een do kéint awer Weeër fannen, fir dass dat garantéiert ass, dass behënnert Leit an de Betriber, besonnesch an deene grousse Betriber, dann awer d'Méiglechkeet hunn, iwwert d'Personaldelegatioun och hir Rechter vertrueden ze kréien, an dat geet am beschte wa se selwer Member si vun där Personaldelegatioun.

Déi Iddi vum Här Jaerling, fir d'Chancëgläichheetsbeoptragt mat deem Thema ze befaassen, déi muss ech allerdéngs ganz staark réfutéieren. Ech mengen dass dat zwee verschidden Theme sinn. Ech mengen och, datt d'Chancëgläichheetsdelegéiert, wa si hir Aarbecht gutt maachen, ganz vill Aarbecht hunn a mat där Aarbecht agedeckt sinn, an datt et iwwregens och aner Aarbecht ass, quitte datt et op verschiddene Punkten Analogië gëtt. Mä fir beim Thema Behënnerter eng Integratiounsaarbecht ze maachen a sech fir déi Leit op enger Aarbechtsplaz anzesetzen, do geet et ëm ganz konkret Mesuren, wéi zum Beispill technesch Adaptatioune vun Aarbechtsplazen, vun Aarbechtsinstrumenter, ëm den Accès zu Betriber. Dat huet eigentlech guer näischt mat där anerer Thematik vun der Gläichstellung vu Fraen a Männer ze dinn. Sou datt ech awer géif dofir plädéieren, dass een déi zwou Saachen ausenaner hält.

Här President, e Punkt dee mir och ganz wichteg ass, an deen ech och déi leschte Kéier ugeschwat hat, wéi mer iwwert dat Altersheim fir behënnert Leit geschwat hunn, dat ass d'Abezéiung vun de Betraffenen an de Gesetzgebungsprozess. Ech hat virdrun dat däitscht Gesetz zitéiert. Wéi mer där Konferenz am Mäerz nogelauschtert hunn, krute mer och do gesot, dass d'Behënnerteverbänn un deenen Texter net nëmme matgeschafft hätten, mä datt se se zum Deel selwer geschriwwen hätten. Hei konnte mer elo liesen, dass de Conseil supérieur am Oktober 2002 en Avis ofginn huet. Dat fannen ech och ganz gutt esou. Mä d'Fro ass awer trotzdeem, ob een do net nach e Schratt méi wäit kéint goe wéi datt dee Conseil supérieur nëmmen däerf Avisen ofginn, mä ob en net selwer méi wäit nach kéint Initiativen huelen, respektiv méi wäit nach agebonne ginn an deen Diskussiounsprozess ronderëm esou Projets de loi. An ech stelle fest, dass och an deem heite Beräich mir als Parlament et net fäerdeg bréngen, fir zum Beispill Delegatioune vu behënnerte Verbänn an eiser Kommissioun ze empfänken. Ech mengen dass dat vill Problemer géif méi liicht léisbar maachen, wann ee mat deene Betraffene selwer kéint iwwert déi Theme schwätzen, déi hinnen um Häerz leien, a wou si och wahrscheinlech am beschte wëssen, wéi se kéinte geléist ginn.

Här President, ech hat virdru scho vun deem däitsche Gesetz geschwat, wat dat a puncto Aarbechtssituatioun aneres bitt wéi bei eis. Ech brauch dorobber net méi anzegoen. Wat awer do interessant ass: Dat Geld wat do agezu gëtt, wann d'Patronen net bezuelen, dat fléisst an e spezielle Fong, an och dat wier eng interessant Iddi. Well dee Fong, deen ass geduecht fir d'Integratioun vu behënnerte Leit am Aarbechtsliewen an dee gëtt och géréiert vu sougenannten Integrationsämter. Dat heescht dat si Servicer, déi wierklech dofir do sinn an déi och dat Geld ganz geziilt kënnten asetzen, sou datt een do also wierklech aus deem Gesetz, wat mer schonn hunn, e ganz interessant Instrument kéint maache fir Integratiounspolitik ze bedreiwen.

Ee Punkt vläicht, deen haut guer net ugeschnidde ginn ass, deen och am Gesetzesprojet net ugeschnidde gëtt, mä deen ech awer net oninteressant fannen: Am däitsche Gesetz ginn och speziell Mesurë proposéiert fir d'Förderung vu behënnerte Fraen am Aarbechtsliewen. Et schéngt esou ze si wéi wa grad och behënnert Frae vum Chômage staark betraff wären. Och dat wär vläicht interessant ze wëssen, wa mer Statistiken hätten oder géifen opstellen, da wär et vläicht gutt och do no Geschlecht ze differenzéiere fir mol ze gesinn, ob mir déi Problematik zu Lëtzebuerg och hunn an ob een och vläicht muss méi geziilt fir behënnert Frae Förderungsmesurë virgesinn.

An dann hat den Här Lux virdrun nach ee Stéchwuert hei an d'Debatt geworf, dat vun der Schoul. Elo kéint ee soen, dat gehéiert net méi zum Thema vun haut, mä ech hu mer awer iwwerluecht, dass dat ganz enk mat der Aarbechtsituatioun vu behënnerte Leit zesummenhänkt. Wann et nämlech keng Integratioun am schoulesche Secteur gëtt, dann hu mer schonn eng ganz Phas vu Geleeënheete verpasst, wéi Leit sech herno kënnen am Aarbechtsliewen zréckfannen.

Dofir schéngt et mer immens wichteg ze sinn, dass mer dee Prozess vir ufänken, an net eréischt mat de Leit kucken, wa se sollen an d'Aarbechtsliewen erakommen, wéi een dat da ka bewerkstellegen. Oft hunn déi Leit dann och niewent deene physeschen an aneren Handicapen, déi se hunn, relativ grouss Ängschten a Barriären ze iwwerwannen, ier dass se emol selwer sech capabel fillen an dat Selbstvertrauen hunn, fir an den Aarbechtssecteur ze goen. Dat kënnte mer hëllefen ofbauen, wa mer eng seriö Integratioun géifen am Schoulberäich vum fréisten Alter u maachen.

An ech muss soen, net nëmmen déi Artikelen, déi een elo an de leschten Deeg an der Press konnt liesen, mä och Informatiounen, déi engem ëmmer erëm zu Ouere kommen, dass Kanner net zougelooss ginn a Klassen, dat fannen ech extrem grave hei zu Lëtzebuerg, dass mir nach ëmmer op deem Standpunkt sinn, dass a verschiddene Fäll oder leider a relativ ville Fäll et net méiglech ass eng Integratioun ze maachen. An ech mengen, dat ass awer och ganz vill e Problem vu Kniet, déi an de Käpp vun Inspekteren, Schoulmeeschteren, Gemengeresponsablen an anere sinn, déi mer musse léisen, fir do wierklech endlech op aner Weeër ze goen.

Här President, ech kommen zu menger Konklusioun. Déi nei Evolutioune stelle mer also haaptsächlech och bei dësem Gesetzesprojet um materielle Plang fest. Dat soll een net minimiséieren. Dat ass sécherlech e ganz wichtege Beitrag fir d'Integratioun, déi haut hei geleescht gëtt, mä wann dës Mesuren net begleet gi vu Moossnamen, déi reell am Aarbechtsliewe fir eng Integratioun suergen, wann déi Mesuren dozou féieren, dass Leit mat spezifesche Bedürfnisser als eenzeg Alternativ de Secteur protégé hunn, wou et dann en plus och nach Mangel u Plaze gëtt, dann hu mer net gutt geschafft, schlëmmer, dann hu mer eis mam Portmonni laanscht de wierkleche Problem gedréckt, nämlech d'Fro, wéi mir d'Segregatioun um Aarbechtsmaart tëschent sougenannten normalen an den Travailleurs handicapés kënnen ophiewen.

Den Här Meyers hat virdrun de Konvent zitéiert, wou eng ganz Rei vu gudden Texter a Sätz drastinn iwwert d'Gläichstellung an iwwert d'Integratioun. Ech wëll just drop hiweisen, dass mer deemnächst an hoffentlech geschwënn an dësem Haus eis Verfassung änneren, an dass mer do dee Prinzip och wäerten dran aschreiwen. An ech hoffen, dass déi betraffe Leit déi Artikelen oder deen Artikel wäerte benotzen. Wa mer net anescht zu Wee kommen, da muss ee vläicht iwwert d'Verfassungsgeriicht fir Gläichheet suergen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. A menger bekanntlech gerafftener Riedezäit wëll ech kuerz en Iwwerflug maachen iwwert déi dräi grouss Kapitele vun dësem Gesetz.

1. D'Moossname fir d'Integratioun an d'Reintegratioun an d'Beruffswelt. Hei ass et jo esou, dass déi gesetzlech Bestëmmungen erhale bleiwen, déi esouwuel am öffentleche Secteur wéi am Privatsecteur e gewëssene Prozentsaz vu behënnerte Beschäftegte virschreiwen. An do ass, dat ass jo e puermol hei betount ginn, eng Sanktioun virgesinn an der Héicht vum halwe Mindestloun, fir all Netastellung am Privatsecteur.

Et ass awer och grad esou gutt gewosst, dass déi Astellungsbestëmmunge wäitgehend net agehale ginn, net nëmme privat, mä leider och beim Stat, an zwar ouni all Konsequenz fir déi Betriber. Dofir gëtt elo fir d'Betriber eng staatlech Partizipatioun um Loun agefouert. Tëschent 40 a 60%, bis elo war se op deem Niveau. Déi kann elo eropgoe bis zu 100%, wat u sech jo och schonn eng relativ diskutabel Moossnam ass. An ech mengen an Zukunft missten zwou Saache garantéiert sinn:

Eischtens missten déi zoustänneg Servicer strikt kontrolléieren, ob d'Patronen och alleguerten hiren obligatoresche Quotient vu Behënnerten anhalen, an ech mengen och dobäi de Statssecteur, an och déi Geldstrofen, déi am Gesetz virgesi sinn, applizéieren, well et handelt sech jo hei net ëm Klengbetriber, wéi virdru gesot ginn ass, mä et handelt sech hei jo awer ëm Betriber vun enger gewësser Bedeitung. Et geet bei 25 Beschäftegten un, dat si jo keng ganz kleng Betriber méi.

Zweetens misst awer och garantéiert sinn, dass déi staatlech Partizipatioun um Loun net zevill zu Abüen Ulass gëtt am Interesse vun de Betriber, déi dovunner profitéiere wäerten, well ech mengen, et muss absolut verhënnert ginn, dass et ausgesäit wéi wann déi Leit zum Nulltarif ze kréie wären. Wann déi Mentalitéit sech astellt, da bleiwen déi Leit an de Betriber ëmmer dat fënneft Rad um Won, an et dierf net sinn, dass eng Reserv vu bëllegen Aarbechtskräften hei géif ge-

schafe ginn, eleng nëmme fir de Beschäftegungstaux vun de behënnerte Matmënschen an d'Luucht ze setzen.

Här President, et ass e bësse schwéier ze schwätzen, et sinn zimlech vill Geräischer am Sall. Et sinn net vill Leit hei, mä déi, déi hei sinn, maachen ëmsou méi Kaméidi. Merci fir Är Opmierksamkeet.

Ech mengen, en héije Beschäftegungstaux huet nëmme Sënn, wann deene Behënnerten och kënnen Aarbechtsplazen ugebuede ginn, déi hinnen eng sënnvoll Beschäftegung ginn, an eng Beschäftegung un där se och selwer Freed hunn.

2. D'Fro vun den Ateliers protégés. Bei deenen Atelieren handelt et sech jo ëm Institutiounen, wéi déi um Kräizbierg, oder vun der APEMH an och nach eng Partie anerer, déi Aarbechtsplazen ubidde fir déi Leit, déi um normalen Aarbechtsmaart net oder nëmme schwéier kënnen ënnerkommen. Si hunn och d'Verflichtung, an dat steet am Gesetz, d'Reintegratioun an den normalen Aarbechtsmaart ze förderen, wann dat méiglech ass. An der Praxis fannen awer esou Reintegratiounen, hunn ech mer soe gelooss, nëmme relativ selte statt, a si fanne virun allem da statt, wann déi Interesséiert selwer aktiv an déi Richtung schaffen. Et stellt sech also de Problem an den Ateliers protégés vun der Ausbildung, déi dacks zevill betribsspezifesch organiséiert ass, dacks ass et och vläicht néideg fir dat esou ze organiséieren, mä et sinn och allgemeng Bildungselementer do dran, déi awer herno dobaussen net unerkannt ginn. Et gëtt keng Equivalenz zum Beispill zu staatlechen Diplomer. Et steet och näischt doriwwer am Gesetz. Ech fannen et misst och eng gewëssen Ausbildungsflicht doranner stoe fir d'Betriber an do ass nach villes ze maachen an Zesummenaarbecht mat der Education nationale.

Nei an deem heite Gesetz ass, an ech mengen, dat ass jo déi wichtegst Neierung, dass déi Leit an den Ateliers protégés iwwerall an Zukunft de Mindestloun wäerte kréie fir déi Stonnen, déi se do schaffen. An d'Aarbechtszäit ginn agerechent déi pedagogesch an therapeutesch Moossnamen, an heiansdo och esouguer de Wee op d'Aarbecht, wann dee laang ass. De Stat iwwerhëlt do d'Käschten. Dat ass ouni Zweifel, Madame Minister, eng Moossnam, déi ze begréissen ass.

Ech hat ee Moment d'Impressioun, wéi wann am Artikel 1 net kloer wier, dass deene Leit, déi nëmmen zäitweileg schaffen, e puer Stonnen, oder nëmmen hallefdaags, hire Loun géif opgestockt ginn op Héicht vun deem Revenu minimum garanti fir Behënnerter, vun deem ech herno nach schwätze wäert. Et ass mer verséchert gi virun der Sitzung, dat wier iwwert den Artikel 26 geregelt. Ech huelen dat zur Kenntnis. Esou direkt gesinn ech de Lien net, mä wann dat d'Volontéit ass vun der Regierung, dat och esou ze applizéieren, mengen ech, misst een och hei dovunner ausgoen als Législateur, dass d'Gesetz an Zukunft dann och esou ze interpretéieren ass, an dat wäert jo dann och festgehale ginn am Rapport, an och eventuell déi Erklärungen, déi d'Madame Minister zu deem Punkt hei herno gi wäert.

Ech wëll awer eng Kritik hei maachen un engem Amendement, deen a leschter Minutt hei agefléckt ginn ass, an zwar haten d'Salariatskummere gefuerdert, dass de Stat och soll de Loun iwwerhuelen, wann en iwwert dem Mindestloun läit. Dat hätt erméiglecht zum Beispill an engem gewëssene Mooss eng kleng Karriär opzebauen, déi och der Qualifikatioun Rechnung gedroen hätt, oder zum Beispill der Anciennetéit Rechnung gedroen hätt vun deene Leit, déi an deenen Ateliers protégés schaffen.

Am ursprünglechen Text stong nämlech, dass déi Instituter missten déi Lounkäschten, déi iwwert de Mindestloun erausginn, och selwer bezuelen. Leider steet elo eppes aneschtes am Text. Et steet elo dran: Alles wat iwwert de Mindestloun erausgeet, dat ass kee Loun méi, mä dat ass eng Prime.

An et gëtt och betount am Rapport, dass et sech ëm eng Prime handelt, déi vun der ekonomescher Situatioun vun de Betriber ofhänkt, also kee Recht fir déi Betraffen duerstellt, an et schéngt mer aus de Procès-verbaux vun der Kommissioun erauszegoen, dass dat en Uleies war vun eenzelnen Associatiounen, déi vläicht gefaart hu si kënnten, wa se emol eng Kéier e Salaire accordéiert hätten, deen net méi esou liicht reduzéieren.

Mä deen Amendement heescht awer an der Praxis, dass mer faktesch aus dem Droit commun vum Aarbechtsgesetz erëm wäitgehend eraus sinn, wou mer awer grad déi Leit wollten dra kréien, well et ass kloer, dass fir déi Leit, déi dann an den Ateliers protégés schaffen, just de Mindestloun bis zur Pensioun als Rémunératioun gëllt. Et ass quasi e Secteur mat blockéierte Léin um ënneschten Niveau.

Ech fannen dat, Madame Minister, prinzipiell keng gutt Léisung. Ech bedaueren och, dass an där Fro hei d'Beruffskummeren net méi gefrot konnte ginn, dass och de Conseil supérieur net méi gefrot konnt ginn, wou jo awer a verschiddenen Avisë grad gesot ginn ass, et misst méiglech sinn och e Loun ze kréien iwwert de Mindestloun eraus. D'Regierung participéiert och um normalen Aarbechtssecteur iwwert de Mindestloun eraus, wann se sech um Loun bedeelegt bei de Betriber, sou dass ech mer hätt kënne virstellen, dass dat och hei hätt kënne méiglech sinn.

Ech hätt och gären e bësse méi genau Opschloss iwwert déi ekonomesch Hannergrënn vun esou Décisiounen. Ech hätt gären Opschloss driwwer, wéi dee Secteur vun den Ateliers protégés sech soll zu Lëtzebuerg weiderentwéckelen. Ech hunn nämlech anzwousch gelies, dass do sollen 200 Aarbechtsplaze geschafe ginn opgrond vun enger Konventioun, déi de Famillje-ministère ofgeschloss hätt mat enger Rei vun Organisatiounen oder Associatiounen. Sinn dat der elo nëmmen aus dem net lukrative Beräich? Ëm wat fir eng Zort Associatiounen oder Betriber handelt et sech déi an Zukunft wëllen op deem Gebitt schaffen?

3. D'Allocation pour personnes gravement handicapées an d'Indemnité d'attente: Dat ass eng weider Neierung, quasi den RMG fir schwéierbehënnert Leit, wou awer déi normal Bedingunge vum RMG ewech falen, wéi dass d'Situation de fortune vum Stot géif gekuckt ginn. Dat heescht, deen RMG gëtt quasi en individuellt Recht fir all eenzel Persoun, wat jo absolut ze begréissen ass mat där Aschränkung natierlech, dass d'Successioun laut Gesetz awer da muss de ganzen RMG zréckbezuelen an der Héicht vum Actif vun der Successioun, ausser dass iwwer Règlement grand-ducal, deen eis awer net virläit, annehmbar Grenze geschafe ginn, déi vergläichbar si mam normalen RMG.

Ech bedauere perséinlech, dass net op deem RMG Pensiounsbeiträg bezuelt ginn, déi e Recht op eng Pensioun géife schafen, eventuell an Zesummenaarbecht mat anere geschafften Zäite vu virdrun.

Nei am Text ass och, dass déi aarbechtsfäeg Behënnert Recht op déiselwecht Indemnitéit kréien, wa se keng Aarbecht fannen. Ech hunn dat scho virdrun ugedeit. Si mussen dann awer bereet sinn zu all Moment an en Atelier protégé schaffen ze goen. Et gëtt gesot, et géif kee Lien hei mam Gesetz iwwert d'Beruffsinvaliditéit ginn, mä mech géif awer mol interesséiere wéi vill ehemaleg Beschäftegter als Demandeur d'emploi ageschriwwe sinn, déi weder eng Invaliderent kréien nach ënnert d'Gesetz vun der Beruffsinvaliditéit falen, wat jo virun engem Joer geschafe ginn ass, awer krankheetshalber hir Aarbecht verluer hunn. Kënnen déi Leit praktesch forcéiert ginn - theoretesch ass dat no deem Gesetz hei méiglech - an en Atelier protégé fir de Mindestloun schaffen ze goen, woubäi jo eigentlech kloer ass, dass déi Leit u sech invalide au sens de la loi sinn, well si kënne jo net méi um normalen Aarbechtsmaart schaffen? Si kréie just net hir Invaliderent, well se an deene Fäll d'Stagebedingungen net méi erfëllen, dat heescht an deene leschten dräi Joer net méi ee Joer geschafft ze hunn. Ech froe mech, ob net grad fir déi Leit misste vill méi flexibel Konditioune geschafe ginn, wat d'Zouerkenne vun enger Invaliderent ugeet.

Ech hat och d'lescht Joer beim Gesetz iwwert d'Beruffsinvaliditéit d'Fro vu méi largen Iwwergangsbestëmmungen opgeworf. Ech fannen, et misst do zu enger Regularisatioun vu gewëssenen Härtefäll kommen. Och misste mir onbedéngt hei an der Chamber nach en Débat virun de Wahlen hunn iwwert d'Ausleeung vun deem Gesetz iwwert d'Beruffsinvaliditéit.

Zum Schluss wëll ech soen, dass ech dat Gesetz hei trotz gewësse Kriticke stëmme wäert, well et d'Situatioun vu ville Behënnerten, déi an den Instituts protégés schaffen oder schwéierbehënnert sinn, ouni Zweiwel léist, mä ech mengen awer dass fir eng wierklech Unerkennung an eng komplett gesellschaftlech Prise en charge vun der Situatioun vun deene Leit, och vun den Aarbechtsaccidentéierten an den Invaliden, et nach e wäite Wee ass, mä dass mer dee Wee onbedéngt mussen ufänken an de Schoulen, an der Primärschoul, am Secondaire, wou ganz geziilt a substanziell Moossname fir eng reell Integratioun vu behënnerte Kanner misste getraff ginn, Moossnamen, déi awer bal komplett feelen, wéi iwwregens virdru scho ganz kloer hei gesot ginn ass a wéi och viru Kuerzem an engem Communiqué vun deenen interesséierten Organisatiounen ze liese war.

Schlussendlech wëll ech nach, quasi am Intérêt de la loi, Här President - meng Riedezäit ass scho bal iwwerschratt -, eppes soen zu deem, wat d'Madame Rapporteur virdru gesot huet iwwert déi Erreur matérielle. Et ass esou, dass am Artikel 41.7 e Renvoi gemaach gëtt op een Artikel vum Code des Assurances sociales, deen den Numéro 171.19 géif droen. Or, esou en Artikel gëtt et nach net am Code des Assurances sociales menger Meenung no, well mir hu jo eréischt en neien Artikel 171.17 geschafe mat deem heite Gesetz, sou dass logescherweis dee Renvoi misst geschéien op den Artikel 171.17.

Ech hu virdru mat der Madame Minister geschwat, déi gesot huet, dat géif kontrolléiert a wann néideg och rektifizéiert ginn. Ech ginn dovun aus, dass dat méiglech ass, dass dat eng normal legislativ Method ass fir dat nach herno kënnen ze änneren. Wann dat de Fall ass, dann däerft dat jo kee Problem duerstellen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Familljeministesch, d'Madame Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre. Ech muss soen, datt haut eigentlech e ganz schéinen Dag a mengem politesche Liewen ass, och wann et relativ spéit ass an net zu där beschter Sendezäit.

***(Interruptions)***



Zwee wichteg Gesetzesprojete leie vir, fir gestëmmt ze ginn, Projeten, déi mir wierklech um Häerz leien. Dat ass eng Kéier de Projet iwwert d'Gewalt an de Familljen an de Projet iwwert d'finanziell Ofsécherung vun eise behënnerte Matmënschen.

Ech soen dofir jiddferengem e grousse Merci deen zu dësem Gesetzesprojet bäigedroen huet. Dem President vun der Kommissioun, dem Här Halsdorf, a selbstverständlech der Rapportrice, der Madame Marie-Josée Frank, awer och dem Statsrot, deen eis duerch säin zweeten Avis complémentaire gehollef huet, datt dat iwwerhaapt méiglech ass, alle Mataarbechterinnen aus dem Ministère, der Chamber an der Fraktioun, an Iech virun allem, Dir Dammen an Hären Deputéierten a Fraktiounschefen, déi et méiglech gemaach hunn, datt mer nach virun der Vakanz dës Projete kënne stëmmen. Sécherlech wäerten déi betraffe behënnert Leit an hir Familljen Iech dat net vergiessen.

Här President, ech hat d'Chance an deene leschte Joren eng ganz Partie vu groussen a wichtege Projeten, meeschtens an der Unanimitéit, sou wéi et och fir dëse Projet ausgesäit, vun Iech gestëmmt ze kréien, Projeten, déi am Interesse vu Behënnerte waren, ob dat Ateliers protégés waren, ob dat Altersheimer waren oder och vill aner Projeten. Dat war méiglech virun allem well déi finanziell Situatioun am Land gutt war, selbstverständlech, mä et war awer och well de politesche Wëllen do war, fir dat ze maachen. Dat war an alle Regierungen, an deenen ech bis elo d'Chance hat dobäi ze sinn, an ech hoffen dass dat an Zukunft och esou bleift.

Am Joer vun de Mënsche mat enger Behënnerung ass dat heiten ouni Zweifel ee vun deene wichtegste Projeten. D'Zil vum europäesche Joer ass, fir d'Rechter vun de Leit mat enger Behënnerung bekannt ze maachen a virun allem awer och fir se konsequent duerchzeféieren. D'Akommessituatioun ze regelen ass e wichtege Schrëtt fir d'Chancëgläichheet vun de betraffene Leit an hire Familljen. An deene leschten zéng Joer huet sech e grousse Paradigmewiessel an der europäescher an och an der nationaler Politik fir behënnert Mënsche gemaach. Ech wëll profitéiere fir an de grousse Linnen dës Entwécklung duerzestellen, well mir wäerte jo nach Geleeënheet kréie méi am Detail dorobber anzegoen, wa mer déi verschidden Interpellatiounen hei wäerten diskutéieren.

Dëse Gesetzesprojet an aner Efforten an dësem Beräich kann ee besser verstoen, wann ee weess, wat an deene leschte Jore changéiert huet. An de 70er an an den 80er Jore war d'Haaptzil déi behënnert Leit ze rehabilitéieren. Dofir goufe spezifesch Ariichtunge geschafen, fir hinnen déi beschtméiglech Liewenskonditiounen ze bidden, zesumme mat enger adequater Therapie. Domat goufen awer och déi gesellschaftlech Tendenze verstäerkt, d'Leit mat enger Behënnerung aus den allgemenge Strukturen, wéi d'Schoulen oder dem Aarbechtsmaart eraus ze huelen a si a spezialiséiert Zentre mat ausgebiltem Personal ënnerzebréngen an do betreien ze loossen.

Mir sinn aus dem Fleege- a Versuergungsmodell aus de 40er Joren iwwergaangen an d'Behandelen an an d'Kompenséiere vun den Defiziter. De Bléck war ausschliesslech op d'Behënnerung geriicht an net op d'Barriären, déi ronderëm d'Behënnerung bestinn.

Haut gesi mer dat aneschters, a mir sinn all gefuerdert eis Responsabilitéit ze huelen. Net nëmmen duerch Gesetzer, an net nëmmen eng Regierung an d'Chamber hunn eng Responsabilitéit, mä jiddferee muss hëllefen d'Barriären, déi mer dacks aus Onwëssenheet an onbewosst ëm d'Leit mat enger Behënnerung opgeriicht hunn, erëm ofzebauen. En däitsche Sproch seet: Wir sind nicht behindert, wir werden behindert. Ech denken domadder versti mer all, wat gemengt ass.

Opgrond vun de Mënscherechter si mer verpflicht deene behënnerte Leit esouwäit wéi et geet en normaalt Liewen ze erméiglechen, an dat net nëmmen aus karikativen oder Solidaritéitsgedanken. Den Artikel 13 aus dem Amsterdamer Vertrag hat eigentlech dës Approche nach méi festgehale fir géint d'Diskriminatioun virzegoen, ënner anerem och géint déi vun der Behënnerung.

Vill gouf opgebaut fir de wichtege Besoine vun de Leit mat enger Behënnerung nozekommen. Ech denke besonnesch och un den Asaz vun den Eltere vu Kanner, déi behënnert sinn, an un all hir Associatiounen, déi sech vill dorëmmer beméit hunn. Si sinn den Owend och vu bal alle Riedner hei positiv ervirgestrach ginn a si verdéngen eisen Dank an eis Unerkennung.

Hir Suerg deemools wéi haut war et: Wat geschitt mat eise Kanner wa mir net méi do sinn? Wie vun eis kann dës Suerg net novollzéien an och mat spieren! 1992 gouf de Programme national an 1997 de Plan d'action national en faveur des personnes handicapées ugeholl, wou e kohärent Konzept fir d'Integratioun vun de Leit mat Behënnerung definéiert ginn ass, an dat bis haut och nach seng Aktualitéit huet.

Ech wëll e puer Punkten opzielen. Ech denken zum Beispill un d'Dezentralisatioun vu behënnerte Leit am Centre hospitalier neuropsychiatrique vun Ettelbréck. Ronn 30 Leit mat enger Behënnerung konnte mat Hëllef vun den ONGen déi lescht Jore vun Ettelbréck a méi eng kleng a familiär Strukture goen, an an deenen nächsten zwee Joer wäerten nach eng Kéier 30 Leit kënnen do fortgeholl ginn.

Doriwwer eraus huet awer och den CHNP sech spezialiséiert am Beräich vum Handicap. Mat vill Kompetenz an Asaz gëtt aus där reng medezinescher Approche op d'Kompetenze vun de behënnerte Leit gesat, well et ass och wichteg niewent de privaten Träger öffentlech Strukturen ze hunn, déi sech ëm behënnert Leit këmmeren, wou dacks bei d'Behënnerung nach eng psychesch Krankheet dobäikënnt.

Mat der Diversificatioun vun de Servicer wëlle mer dozou bäidroen, datt Leit mat verschiddene Behënnerungen eng komplett Betreiung hei zu Lëtzebuerg kréien. Mir hunn zënter 1995 ronn 140 nei Plazen an de Wunn- an an den Dagesstrukture geschaf. Zousätzlech goufen och Plaze geschaf an de Formatiounsstrukturen, an den Ateliers protégés an och am Fréiförderdéngscht.

Am Kannerberäich si mer mam Averständnis vum Ministère vun der Education nationale a vun der Sécurité sociale amgaangen e Pilotprojet ze maachen, deen zum Zil huet d'Vernetzung an d'Koordinatioun vun de Servicer an Hëllefe ronderëm dat behënnert Kand a seng Famill méi optimal ze gestalten. Dëse Projet geet nach bis d'nächst Joer a soll Opschloss ginn iwwer noutwendeg Moossname fir d'Kanner an iwwer Hëllefe fir hir Familljen déi nach gebraucht ginn.

Säit 1998 goufen iwwert déi verschidde Gesetzer vum Plan pour l'emploi jährlech 50 Poste fir behënnert Leit beim Stat geschaf. Doduerch si bis elo 250 zousätzlech Leit nom Statut vum Travailleur handicapé beim Stat agestallt ginn. Ech denken, dass vläicht elo de gudde Moment komm wier, fir op alleguerten déi Froen an och déi berechtegt Kriticke vu bal allen Deputéierten anzegoen, wat d'Quoten ubelaangt a wat d'Zuelematerial ubelaangt.

Ech sinn haut den Owend an der Situatioun, datt ech mer Äschen op

de Kapp leeën an zouginn, datt mer wierklech keng fiabel Zuelen doriwwer hunn. Mir mussen, net zulescht och iwwert dat Gesetz, wat awer net a menge Kompetenze läit, mä wou dat awer festgeschriwwe ginn ass, iwwert d'Invaliditéit, endlech kucke gewuer ze ginn - wëssend, dass mer ongeféier 2.900 Travailleurs handicapés am Lëtzebuerger Land hunn -, wou datt déi Leit alleguerten dru sinn; dat muss dann och nozevollzéie sinn. Do huelen ech all Mea culpa op mech, fir ze soen, datt mer dat effektiv musse kucken.

Ech wëll elo direkt dobäi soen - an et huet keen dat gesot; ech weess net, ob Der Iech net getraut hutt oder ob Der wierklech gemengt hutt, dat wär einfach esou, datt mer ni och déi Suen akloe gaange si bei d'Betriber -: De Grond ass deen, well de Stat selwer, an ech wëll net an de Sall kucke fir bei de Gemengen nozefroe wéi et do ausgesäit, huet bis haut seng Quoten net erfëllt. Ech soen Iech ganz éierlech, ech géif mech schumme fir bei e Privatpatron Sue froen ze goe fir Obligatiounen, déi ech als Stat selwer net erfëllt hunn. Dat verhënnert awer net, an do ginn ech der Madame Wagener Recht, datt ee muss doriwwer nodenken.

Mir hunn déi Quoten net einfach esou wëllen erausträiche mat deem '91er Gesetz, wat elo ofgeschaf gouf, mä ech mengen awer, datt mer laangfristeg eis musse Gedanke maachen, ob een se an där Zuel kann dora stoe loossen oder awer wat een op där anerer Säit eventuell och ka maachen, fir méi Incitatiounen ze maachen. Den Här Meyers huet zum Beispill dru geduecht, datt een dat och duerchaus duerch Actions positives an de Betriber, wat fir mech eng sympathesch Iddi ass, kënnt maachen.

Ech muss op där anerer Säit awer och soen, datt wahrscheinlech vill Leit ënnerschätzen, wat ee mat behënnerte Leit fir eng Aarbecht gemaach kritt. Et ass jo erstaunlech, datt zënter deem éischte Plan pour l'empoi, wou mer déi 50 Leit virgesinn hunn, mëttlerweil esou gutt d'Statsverwaltungen, wéi d'Regierungsadministratioun, wéi awer och d'Etablissements publics - ech wëll dat elo net esou soen - awer wierklech frou sinn, wa se vun deene 50 Leit, déi mer jährlech astellen, Leit fir hir Betriber kréien.

Et ass also net esou, datt déi Leit dann net kënnten an deene Betriber, wou se hikommen, schaffen. Si si vläicht net an der Méiglechkeet, fir all Aarbechten ze maachen, mä ganz vill Leit, déi eng Behënnerung hunn, kënnen duerchaus eng ganz gutt Aarbecht maachen. A wann Der eng Kéier bei mech an de Betrib kommt, da gesitt Der, datt mer an der Réceptioun eng Damm hunn, déi daf ass - si ass net stomm, mä si schwätzt däitsch -, an datt mer och en anere Mann hunn, dee behënnert ass, deem Der dat eigentlech emol net ofgesitt.

Ech wëll domadder weisen, datt et Beispiller gëtt, datt duerchaus déi Leit amstand sinn eng ganz valabel Aarbecht ze maachen a wéi gesot, zënter datt jiddfereen déi als Surnuméraire, wann ee wëllt, dobäi kritt, ass och jiddferee gäre bereet fir se ze huelen. Esou datt ech mer ka virstellen, datt wa mer am normale Betrib op 100% eropgi vun deem wat et kascht, an do sinn ech e bëssen erstaunt, datt den Här Urbany dat net esou schrecklech gutt fënnt, datt mer dat bezuelen, dann hoffen ech domadder wierklech och, datt eng ganz Partie Leit zousätzlech do eng Aarbechtsméiglechkeet kréien.

Verschidde geziilten Informatiouns- a Sensibilisatiounscampagnë goufen am Laf vun deene leschte Jore gemaach, an och dorobber ass hei higewise ginn, an ech mengen och, dass dat richteg war. Ech denken zum Beispill un eng Broschür iwwert d'Annonce vun der Behënnerung bei der Gebuert vun engem Kand.

Dës Broschür wennt sech besonnesch un d'Dokteren an un d'Leit, déi an de Gesondheetsberuffer schaffen, an och do war relativ vill Kritik, well jo och jiddferee wousst, datt hien dat richteg géif maachen a jiddferee wousst, datt dat alles ganz gutt géing goen, awer ganz vill Eltere soe komm sinn: „Dat war schrecklech wéi mer héieren hunn a wéi mer matgedeelt kritt hunn, datt mer e Kand hätten, wat eng Behënnerung hätt, well mer et net wousste wéi d'Kand op d'Welt komm ass." Dir gesitt also, datt een heiansdo Saache muss maachen, vun deene jiddfereen am Fong mengt, datt et sënnlos wier a jiddferee säi Bescht géif maachen.

Et ass och hei geschwat ginn iwwert d'Barrierefreiheit, a mir haten elo viru Kuerzem e Séminaire am Saarland, zesumme mat der saarlännescher Ministerin, iwwer barrierefreien Tourismus. Zënter Jore si mer amgaang d'Accessibilitéit vu Fräizäit- a kulturelle Siten am SaarLux-Gebiet, net am LorLux-Gebiet, well an der Lorraine hu mer ni en Uspriechpartner dofir fonnt, fir behënnert Mënsche méiglech ze maachen, an elo si mer amgaangen ze kucken datselwecht ze maache fir den Tourismus, wat d'Hotelen an d'Restauranten ubelaangt.

Et ass sécher interessant ze héieren, datt d'lescht Joer an Däitschland ongefeier zwou Milliarden Euro vu behënnerte Leit ausgi si fir Tourismus. Déi Leit wiere bereet gewiescht nach méi Suen auszeginn, wa se Plaze fonnt hätten, déi accessibel gewiescht wieren.

Ech mengen, mir als SaarLux-Géigend wäre gutt beroden do an Zukunft drop ze setzen. Dat si Leit, déi ganz dacks an der Niewesaison ginn, wou mer also och kënnten den Tourismus zu Lëtzebuerg ausbauen a wou och ouni Zweifel eng ekonomesch Komponent fir eist Land mat dran ass.

Et ass des Öfteren de Mëtteg hei drop higewise ginn, datt zënter dem Mäerz 2001 d'Gesetz iwwert d'Accessibilitéit fir d'öffentlech Gebaier a Plazen a Kraaft ass. Och dozou wéilt ech soen, datt mer eis net drop beschränkt hu fir dat Gesetz ze maachen, mä mir hunn e ganz décken Dossier ausgeschafft, dee besonnesch fir déi Professionell aus der Baubranche, ob dat d'Architekten oder d'Ingenieure sinn, ausgeschafft gouf, an deen och vu jiddferengem Eenzelne ka beim Info-Handicap gefrot ginn, wou een ënner anerem gesäit wat fir eng Feeler datt ee ka maachen, mä wou een och gesäit wéi een et ka richteg maache fir zum Beispill säi private Logement, mä awer och Geschäfter a Restaurante behënnertegerecht anzeriichten.

Mat dësem Gesetzesprojet gëtt och dem Conseil supérieur des personnes handicapées eng legal Basis ginn - a mer hu well zënter 1998 eng Restrukturéierung gemaach -, wou mer elo majoritaire d'Associatioune vun a fir behënnert Leit an dësem Gremium hunn, wat och wichteg ass, fir datt se och do kënnen hiert Wuert matschwätzen.

Sécher bleift nach vill Aarbecht ze maachen a mir mussen nach vill Ustrengunge maachen, an dat ass och vu jiddferengem haut de Mëtteg hei gesot ginn, fir de Prinzip vum Mainstreaming an all Instanzen dranzehuelen, déi fir bestëmmte Beräicher zoustänneg sinn. An ech wëll do zum Beispill nëmmen, awer nëmme just als Beispill, och dee ganze Bausecteur huelen. Wann et net an eise Käpp dran ass fir iwwerall dat ze maachen, da wäerten och an der Zukunft nach méi Beispiller virkommen, wou dës oder déi Administratioun, oder och aner Haiser, net esou gebaut ginn. Mä mir musse verhënneren, datt déi behënnert Leit aus eiser Gesellschaft ausgeschloss ginn. An esoulaang wéi mer net esouwäit awer op där anerer Säit sinn, brauche mer och an deenen nächste Joren nach spezifesch Strukture fir behënnert Leit.

Ech wëll nach eng Kéier dat soen, wat ech anscheinend 1991 gesot hat, Här Lux, ech hunn et net méi nogelies: Déi bescht Gesetzer hëllefen awer näischt, wa se net duerch och laangfristeg Aktiounen ëmgesat ginn, déi och vun der Allgemengheet gedroe ginn. Dofir musse mer eis elo an deenen nächste Jore geziilt Informatioun a Sensibilisatioun maachen, fir d'Barriären an eise Käpp ofzebauen. Nëmme wa mir eis Viruerteeler opginn, wäerte mer et all fäerdeg kréien, d'Kompetenze vun de Leit mat Behënnerung ze notzen, hir Differenze souwéi déi och vu villen anere minoritairë Gruppen als Räichtum vun eiser Gesellschaft unzegesinn.

Eng Gesellschaft, déi méi op Besoinë vun de behënnerte Leit ageet, ass eng Gesellschaft, an där et fir jiddferee besser ze liewen ass, ob dat de materiellen Zougank betrëfft oder awer och d'Toleranz an de Respekt ee vis-à-vis vun deem aneren.

Dëse Gesetzesprojet, deen Der haut diskutéiert hutt, a wéi et schéngt och wëllt stëmmen, ass d'Resultat vun där neier Entwécklung an der Politik fir behënnert Leit. D'Haaptzil vun dësem Projet ass de soziale Statut vun der behënnerter Persoun ze regelen an ze valoriséieren. Déi behënnert Persoun gëtt eegestänneg a si kritt individuell Sozialrechter. De soziale Statut vun jiddferengem Eenzelnen gëtt nach ëmmer staark iwwer seng Aarbecht definéiert. An dofir probéiere mer och esouvill wéi méiglech, Leit mat enger Behënnerung och eng Aarbecht ze ginn. Mir hunn de Begréff vum Atelier protégé wäitgefaasst a Bestëmmunge virgesinn, wat zum Beispill d'Aarbechtszäiten ubelaangt, fir och deene groussen Ënnerscheeder vu Behënnerung Rechnung ze droen.

D'Aarbechtsrecht fir Mënsche mat Behënnerung gëtt duerch zwee Deeler complétéiert. Éischtens fir Leit, déi net oder nach net um éischten Aarbechtsmaart sinn, eng Plaz ze fannen, an dofir an engem Atelier protégé ze schaffen. An zweetens fir Leit, déi opgrond vun hirer Gesondheet an hirer Behënnerung weder um Aarbechtsmaart nach an engem Atelier protégé kënne schaffen, en Akommes ze garantéieren. Leit déi nach schaffe kënnen an de Statut vum Travailleur handicapé hunn, déi onofhängeg vun hirem Wëllen an hire Fäegkeete keng Aarbecht fannen, kënnen de Revenu de remplacement kréien, wa si keen anert eegent Akommes hunn.

D'Gesetz vum Emploi protégé vun 1991 gëtt vun dësem Projet iwwerholl an ausgebaut. Am Gesetz vun 1991 ware wéi gesot Quote virgesinn, esougutt fir de Stat wéi fir d'Gemengen an och d'Privatpatronen, an ech hunn Iech elo grad well gesot, datt se bis haut net applizéiert goufen. Mir hunn ongefeier 3.000 Leit déi de Statut vum Travailleur handicapé hunn zënter 1992. An de Mëtten hat awer ee gefrot, ech weess net méi wien dat war, wéi vill Leit elo am Chômage wieren oder agedroe wieren. Et si ronn 300 Leit vun deene ronn 10.000, déi agedroe sinn als Leit déi eng Aarbecht sichen um Aarbechtsmaart, déi de Statut vum Travailleur handicapé hunn, an een Drëttel vun hinne sinn a Beschäftegungsmoossnamen. Ausserdeem schaffe ronn 500 Leit mat enger Behënnerung an den Ateliers protégés.

Mir hunn 2001 eng Bestandsopnahm gemaach a festgestallt, datt 200 zousätzlech Ateliersplaze géife gebraucht ginn. De Moment sinn dës Leit nach an de staatlechen oder private Formatiounsservicer. A mir hunn och, dat ass richteg hei gesot ginn, mat verschiddene privaten Organisatioune Bautekonventioune gemaach, fir eben déi Ateliers protégés ze kréien. Et handelt sech reng ëm A.s.b.l.en a Leit déi aus dem net lukrative Beräich sinn, wat, denken ech, och déi meescht vun Iech net wäert verwonneren. Mir hunn déi Atelieren awer nach net direkt zur Verfügung. Eng Partie sinn amgaang gebaut ze ginn duerch d'Land, mä, wéi gesot, de Moment si se nach net zur Verfügung.

Mat dësem Gesetzesprojet gëtt et also méiglech, staatlech Hëllef beim Salaire vu 60 op 100% eropzesetzen, an de Stat ka sech jo finanziell bedeelege fir eben d'Aarbechtsplaz behënnertegerecht anzeriichten. Opgrond vun dem Engagement an der Innovatioun vun den Organisatioune fir behënnert Leit, déi probéiert hunn eng Äntwert op d'berufflech Integratioun ze fannen, gouf eng gesetzlech Regelung awer néideg. Bis elo hat keen uniforme Charakter bestanen an déi meescht Leit, déi an den Ateliers protégés schaffen, hu kee Statut vum Salarié. Si sinn am Statut vum RMG oder si si Rentner. Hiert Akommes ass keng Pai fir hire geleeschten Effort, mä eng Indemnisatioun eigentlech fir hir Onfäegkeet ze schaffen. Besonnesch schwiereg an diskriminatoresch war d'Situatioun vun deene Leit, déi an den Ateliers protégés geschafft hunn an déi weder an deem engen nach an deem anere System déi legal Konditiounen erfëllt hunn an doduerch iwwerhaapt näischt zegutt haten. Eng eenzeg ONG hat bis elo hire Leit de Statut vum Arbeitnehmer ginn.

Dëst Gesetz soll der behënnerter Persoun erlaben an Aarbechtskonditiounen ze schaffen, déi méiglechst no beim Aarbechtsmaart sinn. Nëmmen esou kann den Atelier protégé seng Roll als Formatiouns- an als Transitiounsstruktur erfëllen. D'Aarbechtsrecht soll ugewannt gi mat verschiddenen Aménagementer, déi de Schwieregkeeten an de Besoinë vun de Leit mat enger Behënnerung Rechnung droen. De Loun gëtt bezuelt opgrond vun der Presenz am Atelier protégé, an net opgrond vum Rendement. Dëst zielt virun allem fir Leit mat schwéierer Behënnerung, déi nëmme minimal Aarbechtsfäegkeeten hunn.

Mir hunn dat gemaach, an do gouf elo d'Fro gestallt, firwat datt mer an den Ateliers protégés net op de Wee gaange si fir nach zousätzlech méi héich Paië kënnen ze ginn. Dat ass selbstverständlech all Mënsch fräigestallt an den Ateliers protégés, mä de Risiko hätt bestanen, datt domadder eng ganz Partie vu Behënnerten ausgeschloss gi wieren, fir datt eben de Rendement och do méi héich gewiescht wier an datt déi Ateliere Geschäfter gemaach hätten. An dofir huet d'Familljekommissioun a laangen Diskussiounen, denken ech, zu Recht gesot: Et muss een iwwert de Wee goen, wann déi Atelierë méi Revenu maache wéi deen dee se selwer brauchen, datt se dann de Leit Primë ginn, mä datt et net automatesch op eemol zu Schwieregkeete féiert wou herno keng Gelder méi do sinn an d'Leit dann eigentlech an eng falsch Bunn domadder geleet ginn.

E wichtegen Aspekt, wéi gesot, vun dësem Projet ass d'Roll vun dem Atelier protégé als Transitiounsstruktur. Dat éischt Zil ass eng Aarbecht um éischten Aarbechtsmaart déi muss ugeholl ginn, wann d'Aarbechtsamt an den Atelier protégé der behënnerter Persoun se ubitt. Déi behënnert Persoun an den Atelier protégé engagéiere sech och dofir an dem Aarbechtskontrakt. Den Emploi protégé gëtt duerch dëst Gesetz e vollwäertegt Element, fir zousätzlech Aarbechtsplaze fir behënnert Leit unzebidden.

Ëmmer erëm stellt sech d'Fro, an haut de Mëtteg hu mer se och dacks hei héieren, vun der totaler Integratioun op den éischten Aarbechtsmaart, mat dem Verzicht op den Emploi protégé, fir Chancëgläichheet ze erreechen. Ech denken, datt dat ganz luewenswäert ass an datt dat och an der Theorie ganz schéin ass, mä datt d'Realitéit awer aneschters ausgesäit an et do vill méi schwiereg ass. Dat net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä generell ass d'Beschäftigung um éischten Aarbechtsmaart mat 3% an der ganzer EU geschätzt.

Mir mech ass et wichteg, datt an dem Emploi protégé sënnvoll Aarbechte gemaach ginn, déi der Gesellschaft och nëtzlech sinn a gebraucht ginn. Ech denken u Restauranten, ech denken u Parken an un Anlagen, déi an der Rei kënne gehale ginn, ech denken drun datt och aner Produktioune kënne gemaach ginn. Nëtzlech Aarbechte fir d'Gesellschaft ass wichteg, och fir d'Dignitéit vun de behënnerte Leit.

Esou grouss wéi d'Diversitéit vun de Behënnerungen ass, mussen och d'Äntwerte fir d'Aarbechtsméiglechkeete sinn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- D'Madame ass gläich fäerdeg. Ech géing ëm Är Opmierksamkeet bieden, wann ech gelift.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- O Mamm, Kanner Gottes. Ech entschëllege mech. Ech halen direkt op, Här President. Ech hat net gesinn, datt ech esou laang geschwat hätt.

Ech wëll just nach soen, datt awer och deen zweeten Deel e wichtegen ass, an dat ass datt mer déi Rechter schafe vun dem RMG, an ech wëll net méi drop agoen, well ech ewell esou laang iwwert d'Zäit sinn.

Ech wëll just deene Kolleege soen, déi doranner Schwieregkeeten hate fir ze verstoe wéi dat géif goen: Selbstverständlech gëtt eréischt bei der behënnerter Persoun, déi den RMG oder de Revenu de remplacement kritt huet, wann déi behënnert Persoun selwer stierft, gekuckt bei der Ierfschaft, souwéi bei allen anere Leeschtungen, och deenen déi iwwert de Fonds de solidarité bezuelt ginn, ob dat och richteg ass a wéi vill datt dovun de Stat erëm froe geet oder net erëm froe geet. Ech gesinn net a firwat datt et do aneschters soll gehandhaabt ginn. Wann ech als al Joffer stierwen, an de Fonds de solidarité huet fir mech bezuelt, da gesinn ech net a firwat datt fir d'éischt mol soll meng Famill do ierwen, ier déi aner Steierzueler hir Suen erëm kritt hätten.

Ech géing wëllen dem Här Urbany merci soe fir d'Prezisioun, a mer wäerten nokucken, ob mer do e materielle Feeler dran hunn. Wann dat de Fall ass, da wäerte mer dat selbstverständlech redresséieren.

Fir de Rescht entschëllegen ech mech. Dir hätt mech éischter sollen drop opmierksam maachen, dass ech esou laang geschwat hunn.

Ech soen Iech villmools merci.

M. le Président.- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Discussion générale ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4827 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 47 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de virleiende Gesetzesprojet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Jo-*

*sée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes (par M. Fred Sunnen), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Marco Schroell), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

***Motions***

Da komme mer zu deenen zwou Motiounen. Déi éischt gouf vum Här Jaerling agereecht. Dir hutt se schrëftlech virleien an et ass och Stellung dozou geholl ginn. Mir kënnen also direkt driwwer ofstëmmen. Ass e Vote électronique verlaangt?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, mir haten de Vote électronique verlaangt.

M. le Président.- De Vote électronique ass also verlaangt a mir stëmmen of iwwert d'Motioun 1.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 34 Nee-Stëmmen, 8 Jo-Stëmmen a 17 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes (par Mme Nelly Stein), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Norbert Haupert), Marcel Sauber (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Da komme mer zur Motioun 2 vun der Mme Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Entschëllegt, Här President, ech verlaangen och de Vote électronique, well ech weess guer net wéi d'Majoritéit sech hei wëllt verhalen. Ech hat awer geduecht, dat wier e Punkt, wou mer relativ grouss Eenegkeet hätten.

M. le Président.- Mir maachen dann e Vote électronique.

Den Här Lucien Weiler freet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, ech wëll just soen, dass ech all Versteesdemech hu fir Motiounen, déi hei abruecht ginn an all Demanden, déi gemaach ginn. Mä wann d'Regierung dat mécht wat se an deene leschte Wochen hei opgefuerdert ginn ass u Recherchen, Konklusiounen, Analysen, Observatoiren, Etüden a Rapporten, …

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Den Här Weiler huet d'Wuert verlaangt an en huet et kritt, an déi aner solle roueg sinn an nolauschteren.

Här Weiler!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ech géif, Här President, den Här Krecké bieden esou fein ze si mat mir wéi ech haut de Mëtteg mat him war.

***(Hilarité)***

Also, Här President, ech wollt soen, wann d'Regierung alles dat mécht wat se an de Motiounen opgefuerdert gëtt u Recherchen, Konklusiounen, Analysen, Observatoiren, Etüden a Rapporten, an dann erëm Rapporten iwwert d'Etüden an Etüden iwwert d'Rapporten, da ka se net méi dozou komme fir iergendeppes ze maachen.

***(Interruptions diverses)***

Une voix.- Dat heescht mir maachen elo keng Motioune méi bis d'nächst Joer!

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech sinn elo nach méi erstaunt, wéi ech et scho war, well d'Madame Ministesch virdru gesot huet si géif Äschen op hiert Haupt streeën, well do e Manktum géif bestoen. An dofir hätt ech am Fong erwaart, dass eng Eenegkeet do wär fir an d'Richtung ze goe vun deene Punkten, déi an där Motioun hei stinn.

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Wann Der scho Bedenken hutt, da wär ech frou gewiescht, wann een déi Motioun hei hätt kënnen an d'Kommissioun verweisen, fir dass mir eis wéinegstens inhaltlech kënnen domat ausenanersetzen, eng inhaltlech Diskussioun, déi jo anscheinend am Zoustand vu verschiddene Leit, déi heibanne sinn, net méi méiglech ass.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dir sollt vum Zoustand vun Ärem Fraktiounspresident net op déi aner schléissen!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här Di Bartolomeo, Dir hätt besser gehat, Dir wäert e bësse méi fréi am Frankelach gewiescht. Dat hätt Iech bestëmmt gutt gedoen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dir schwätzt ganz doruechter!

M. le Président.- Ech hunn d'Gefill, dass de Rouleau elo geschwënn ofgelaf ass. Ech mengen, mir sollen awer elo seriö hei virumaachen, fir dass mer eis Projeten zu Enn kréien.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Här President, ech hunn elo Zweifel wéi wann déi Motioun do net géif gestëmmt ginn. Wann déi Motioun do net gestëmmt gëtt, da muss ech allerdéngs soen, dann hunn ech Zweifel wat d'Ausféierung vun deem dote Gesetz ugeet. Well dat ass grad d'Quintessenz vun deem wat Der hei diskutéiert hutt, dass mer emol gäre Statistiken hätten iwwert déi reell Integratioun vun de Leit, dass mer gäre Kontrollmechanismen hätten, dass mer eventuell och gären eng Evaluatioun hätten, ob déi Sanktiounen, déi am Gesetz stinn, duer ginn. Dann huet dat Gesetz vun dësem Joer deeselwechte Sort wéi dat vun 1991. Dat ass awer da sécher. An da froen ech mech firwat ech iwwerhaapt fir dat Gesetz hei gestëmmt hunn.

M. le Président.- Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 2.

***Vote***

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 32 Nee-Stëmmen a 25 Jo-Stëmme bei enger Abstentioun.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*S'est abstenu: M. Jacques-Yves Henckes.*

Dir Dammen an Dir Häre, mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4801 iwwert d'Violence domestique. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Schank, déi Dammen Nagel an Err, den Här Colombera an d'Madame Wagener.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Ferny Nicklaus-Faber.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- De ganze Mëtteg waren d'Sozialisten esou roueg, op eemol si se erëm wakereg. Et ass komesch!

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Häre, ech géing ëm Är Opmierksamkeet bieden an erwaarden e bëssen Disziplin, well an 12 Stonne musse mer schonn erëm hei sinn. Muer de Moien um néng Auer musse mer eng nei Sitzung ugoen. Mir sollen dofir net zum Schluss vun dëser Sitzung ufänken esou en Tächtelmächtel opzeféieren.

D'Madame Nicklaus huet d'Wuert.

## 7. 4801 - Projet de loi sur la violence domestique portant modification 1) de la loi du 31 mai 1999 sur la police et l'inspection générale de la police; 2) du code pénal; 3) du code d'instruction criminelle; 4) du nouveau code de procédure civile

***Rapport de la Commission de l'Egalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine***

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV), rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an Europa schätzt een, dass all Dag eng vu fënnef Fraen der Gewalt ausgesat ass, an éischter Linn der häuslecher Gewalt. No enger amerikanescher Etüd stellt de familiäre Kader de gréisste Risikofacteur duer, wat d'Gewalt géint d'Fraen ugeet. Dës Etüd, wéi vill anerer, kënnt zur Konklusioun, dass de Problem weltwäit deeselwechten ass. D'Gewalt an der Famill existéiert an all sozialem Milieu, an all Kultur, an all Altersgrupp.

D'Gewalt doheem, och wa se déi heefegst Form vu Gewalt géint d'Fraen duerstellt, ass awer och déi, déi am mannste sichtbar ass. Obwuel d'Öffentlechkeet an d'Politik sech ëmmer méi fir dëse Phenomeen interesséieren a sech géint d'Gewalt doheem ausschwätzen, ass de Sujet nach relativ rezent. D'Violence domestique ass laang Zäit als Privatsaach ofgestempelt ginn a war deementspriechend en Tabuthema.

No kanadeschen Expäre fënnt d'Gewalt an der Famill hir Ursaach ënner anerem an der Ongläichheet tëschent de Geschlechter. D'Bild, dat eis Gesellschaft nach ëmmer vun der Fra huet, dréit zu dëser Situatioun bäi a verleet esou munche Mann ze denken, hien hätt d'Recht Gewalt géigeniwwer senger Fra unzewenden. Dëst erkläert och firwat eis Gesellschaft bis viru kuerzem d'Ae virun der häuslecher Gewalt zou gemaach huet.

D'Zäiten hu sech awer geännert. D'Gewalt doheem huet de Wee bis an d'Öffentlechkeet fonnt, a vill Deklaratiounen, Resolutiounen a Recommandatioune vun deene leschten zwanzeg Joer, sief dat um internationalen oder europäeschen Niveau, hunn zum Thema „Gewalt doheem“ Stellung geholl. D'Gewalt géint d'Frae gëllt hautdësdaags als eng Verletzung vun de Mënscherechter, déi absolut inakzeptabel ass.

D'Deklaratioun vum europäesche Parlament vum 11. Juni 1986, wéi och d'Deklaratioun vun der Generalversammlung vun der UNO vum 20. Dezember 1993, oder d'Recommandatioun vum Ministerrot vum Conseil de l'Europe vum 30. Abrëll 2002 si ganz explizit.

D'Gewalt doheem gëtt ugeprangert an d'Regierunge sinn opgefuerdert déi néideg Moossnamen ze ergräifen, fir méi effikass géint d'häuslech Gewalt virzegoen. Verschidden europäesch Länner, wéi zum Beispill Frankräich oder Éisträich sinn dëse Recommandatiounen no komm an hunn hire juristesche Kader op d'Particularitéite vun der Gewalt doheem ofgestëmmt.

D'Regierungen an d'Öffentlechkeet si sech ëmmer méi iwwert dat, wat um Spill steet, bewosst. D'Gewalt doheem stellt eng Erausfuerderung fir d'Gesellschaft duer, op déi kuerzfristeg eng adequat Äntwert fonnt muss ginn. Déi häuslech Gewalt huet net nëmme schwéierwiegend Konsequenze fir déi betraffen Affer, mä och e groussen Impakt op d'Gesellschaft selwer. D'Gewalt doheem, déi kascht och Suen. Am Kader vun der Orientéierungsdebatt iwwert d'Violence domestique am Joer 2001 hat ech a menger Ried op eng Etüd vun der Universitéit Freiburg iwwert de finanziell-ekonomeschen Aspekt vun der Gewalt opmierksam gemaach. No dëser Etüd, déi nach ëmmer aktuell ass, géif déi häuslech Gewalt all Joer d'Schwäiz 400 Milliioune Schwäizer Frang kaschten. Dat meescht Geld gëtt dobäi net emol fir Preventioun ausginn, mä fir d'Folgekäschte vun der Gewalt doheem, an dobäi sinn nach nëmmen d'öffentlech Gelder a Betruecht gezu ginn. Wat d'häuslech Gewalt deen eenzelnen oder all Betrib kascht, ass net abegraff.

Et gi keng prezis Statistiken, wat d'Gewalt géint Fraen ugeet. International Etüde schwätze vu 17 bis 34% vun de Fraen, déi der Gewalt vun hirem Partner ausgesat sinn, an dat ass nëmmen d'Spëtzt vum Äisbierg. Schliesslech komme jo nëmmen déi Fäll un d'Dagesliicht, an deenen d'Affer de Courage haten an d'Öffentlechkeet ze trieden. E groussen Deel vun de Fäll bleift awer am Donklen an ass néierens opgezeechent.

Ee vun de Grënn ass deen, dass an eiser Gesellschaft, trotz enger rezenter Prise de conscience, nach ëmmer vill Leit mengen, d'Gewalt géint d'Frae géif et doheem net ginn oder et wär zumindest net esou schlëmm, wéi et verschiddentlech duergestallt géif ginn. Et gëtt och eng Vielfalt vun Definitiounen, wat dat Ganzt net méi einfach mécht. Et geet awer aus den allermeeschten Etüden iwwert dëse Phenomeen ervir, dass d'Gewalt géint Fraen, virun allem déi sexuell Gewalt, d'Tendenz huet zouzehuelen.

Vun all de Forme vu Gewalt ass d'Gewalt an der Famill awer déi am mannsten akzeptabel, well d'Famill fir jidderee vun ons den Inbegréff vu Sécherheet a Gebuergenheet ass. Et ass sécherlech och, well mir dëse Mythos vun der Famill net wëllen zerstéieren, andeems mir agestinn, dass a ville Familljen d'Gewalt agezunn ass an dass mir Schwieregkeeten hunn, d'Gewalt an der Famill an an der Partnerschaft unzeerkennen.

Zu Lëtzebuerg si sech déi politesch Verantwortlech och am Laf vun deene leschte Jore bewosst ginn, dass ee misst um Plang vun der Preventioun a virun allem um Niveau vun der Reaktioun op häuslech Gewalt méi aktiv gi wéi bis elo.

Fir d'CSV-DP-Regierung sollt een den Affer vun häuslecher Gewalt, an dat sinn net nëmme Fraen, mä och Kanner, eeler, wéi och handicapéiert Leit, e bessere Schutz garantéieren. An der Regierungserklärung vum August 1999 steet, dass eis Legislatioun an déi Richtung ofgeännert soll ginn, dass den Täter d'Familljewunneng verloosse muss. D'Regierung huet sech hei um éisträchesche Gesetzgeber inspiréiert. An Éisträich gëllt zënter 1997, dass den Täter aus der Wunneng geholl ka ginn. Dës Wegweisung erspuert de Kanner, déi schonn duerch Gewaltzeenen doheem traumatiséiert sinn, vill weidere Misär. Si brauchen net méi mat hirer Mamm vun doheem fort ze goen an an eng aner Ëmgéigend ze plënneren, an eventuell och nach an eng aner Schoul ze goen.

Dës Moossnam soll et der Fra erlaben, eng Décisioun ze treffen, wat hir Zukunft ugeet. Et ass oft d'Angscht, alleng mat hire Kanner op der Strooss ze landen, déi vill Fraen dovunner ofhält eng Plainte ze déposéieren. Si fille sech komplett alleng gelooss a wëssen oft net u wie se sech wende sollen, obscho Strukturen do sinn, déi si kéinte beroden an och eventuell ophuelen. Wa si d'Garantie kréien, dass net si mä den Täter aus der Wunneng goe soll, hu si dee grousse Problem vum Logement emol

net, zumindest net fir déi éischt Zäit. Si kënne sech da besser op déi verschidde prozedural Démarchë konzentréieren.

D'Iddi, déi am Koalitiounsaccord enthalen ass, ass déi, dass een d'Violence domestique net nëmmen dierf iwwert de Wee vun enger klassescher Strofverfolgung bekämpfen. Et geet net duer, den Täter am Nachhinein ze bestrofen. Dëse muss sech vun der Gravitéit vu sengem Verhalen - oder besser gesot: Fehlverhalen - am Klore sinn. Déi klassesch Äntwert op d'Gewalt huet den Nodeel net preventiv ze sinn an d'Gewalt ze banaliséieren, andeems een dem Täter am Fong implizit Recht gëtt, gewalttäteg ze sinn. Ass et net esou, dass d'Fra an net de Mann d'Wunneng am Prinzip verléisst? Vill Männer gesinn doran d'Bestätegung, dass net si, mä hir Fra oder Partnerin alleng d'Verantwortung fir déi Situatioun dréit.

Mat der Wegweisung an dem domat verbonnenen Hausverbot setzt een e ganz kloert Signal. D'Gewalt an der Famill ass e Verbriechen, wat ee ganz entschiede muss bekämpfen. Ech erënneren drun, dass virun de Wahle vun 1999 d'Chamber eng Motioun gestëmmt huet, déi d'Violence domestique uprangert an d'Regierung opfuerdert, eis Gesetzgebung ëmzeänneren. Am Mäerz 2001 huet an der Chamber op Initiativ vun der Fraekommissioun och eng Orientéierungsdebatt iwwer häuslech Gewalt stattfonnt. Motioune sinn do ugeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer hei zur Ofstëmmung virleien hunn, huet als Objectif de Koalitiounsaccord vun 1999 ëmzesetzen, an dréit och de verschiddene Motiounen, déi zu dësem Thema adoptéiert goufen, zum Deel Rechnung. En huet als Zil der Gewalt doheem virzebeugen an den Täter ze responsabiliséieren. Doriwwer eraus soll en zu enger gréisserer gesellschaftlecher Prise de conscience bäidroen. Déi aktuell Situatioun ass nämlech net befriddegend, weder um strofrechtlechen, nach um zivile Plang.

Gewalt doheem ass no eisem Code pénal keen autonomen Delikt, mä e gëtt ënnert dem Titel vun anere Rechtsverletzungen, wéi zum Beispill Coups et blessures, Menacen oder och nach dem Viol bestrooft. Wann och verschidden Dispositioune vun eisem Code civil oder nouveau code de procédure civile den Affer e gewësse Schutz bidden, esou ginn se dach selten ugewannt. Dës Dispositioune kënnen och meeschtens nëmme vu bestuete Koppelen an Usproch geholl ginn, esou datt d'Situatioun vun de Concubinen oder soss anere Membre vum Stot nach méi prekär ass.

De virleiende Projet huet véier Schwéierpunkten, déi enk matenee verbonne sinn an e globaalt Konzept bilden.

De Projet gesäit als alleréischt d'Méiglechkeet vir, den Auteur vu Gewalttaten aus der gemeinsamer Wunneng ze verweisen, wann eng gewalttäteg Situatioun noweisbar ass, respektiv wann et en Unhaltspunkt gëtt, datt esou eng Situatioun wäert antrieden. D'Wegweisung vum Täter huet als Konsequenz, datt hien net dierf an d'Wunneng zréckgoen, esoulaang dës Moossnam unhält. D'Minimaldauer vun esou enger Moossnam, déi vun der Police mam Accord vum Procureur d'Etat geholl gi kann, ass zéng Deeg. Si kann awer bis maximal dräi Méint goen, falls déi initial Wegweisung vun de Riichtere verlängert gëtt.

D'Minimaldauer vun dëser Moossnam war e ganz striddege Punkt. Den Text vun der Regierung hat eng Minimaldauer vu 14 Deeg virgesinn. De Statsrot war awer der Meenung, esou eng Dauer wier ënner anerem opgrond vun der Finalitéit vun dëser Moossnam, nämlech eng Krisesituatioun schnellstens ze beendegen, net ubruecht an huet fir eng Dauer vun nëmmen dräi Deeg plädéiert. D'Kommissioun deelt der Regierung hir Opfaassung, dass eng ze kuerz Dauer d'Effikassitéit vun esou enger Moossnam kënnt a Fro stellen. Fir awer de Kriticke vum Statsrot zumindest deelweis Rechnung ze droe schléit d'Kommissioun vir, d'Dauer op zéng Deeg ze setzen.

An dësem Kontext muss ee bemierken, datt an Éisträich d'Dauer vu siwen op zéng Deeg eropgesat ginn ass, nodeem de Gesetzgeber erkannt hat, datt en Délai vu siwen Deeg net duer geet fir de Fraen d'Méiglechkeet ze ginn eng Décisioun ze treffen, och wann et ëm hir Sécherheet geet.

De Statsrot hat och virgeschloen, et misst een e Recours virgesinn. D'Kommissioun ass awer net de Wee vum Statsrot gaang. Et gi genuch prozedural Opportunitéite fir spéiderhi géint eng Wegweisungsdécisioun kënne virzegoen. De Statsrot wollt och de Krees vun deene Leit, déi vun esou enger Moossnam profitéieren, reduzéieren. Just de Conjoint vum Täter oder deem säi Liewenspartner an d'Descendanten an d'Ascendantë vum Täter sollte vun dëser Moossnam kënne Gebrauch maachen. D'Kommissioun deelt och op dësem Punkt den Avis vum Statsrot net. D'praktesch Experienz weist nämlech, datt de Krees vun de potenziellen Affere vill méi grouss ass wéi deen, dee vum Statsrot virgeschloe gëtt. Et ass also net ubruecht dëse Krees ze reduzéieren.

E weidere Schwéierpunkt vum virleiende Gesetzesprojet ass d'Tatsaach, datt d'Gewalttate géint verschidden Affer mat héijere Sanktioune solle bestrooft ginn. Nom neien Artikel 409 vum Code pénal, deen dëse Projet wëllt afféieren, kënne Gewalttaten doheem mat enger Prisongsstrof vu bis zu fënnef Joer sanktionéiert ginn. Dës Circonstances aggravantes sinn als Barriär geduecht, déi d'Leit dovunner ofhale soll gewalttäteg ze ginn.

Wat de perséinlechen Uwendungsberäich vun dëser Dispositioun ugeet, esou muss ee feststellen, datt dëse wäit iwwert de streng familiäre Kader erausgeet, wat och fir Kritik beim Statsrot gesuergt huet. Viséiert sinn de Partner, ob d'Leit bestuet sinn oder net, spillt keng Roll, den Expartner, d'Ascendanten an d'Descendantë vum Affer a vum Täter, a fir verschidde Stroftaten d'Leit, déi duerch eng Krankheet oder duerch den Alter extrem verwondbar sinn an dofir en ideaalt Affer kënnen duerstellen.

D'Aenzeie kënnen am Géigendeel zu deem, wat am initiale Regierungstext stung, net vun de Circonstances aggravantes profitéieren. D'Verwondbarkeet vum Affer, esou wéi d'Existenz vun engem Lien de subordination sinn och keng Circonstances aggravantes méi vum Viol. D'Kommissioun wollt domadder op verschiddene Punkten dem Statsrot senge Kriticke Rechnung droen.

Si war awer net gewëllt de perséinlechen Uwendungsberäich esou anzeschränke wéi de Statsrot et proposéiert huet an zum Beispill d'Exconjointen oder d'Expartner erauszehuelen. De Krees vun den Affer resüméiert sech bäi wäitem net eleng op déi Leit, déi nom Statsrot besser geschützt sollte ginn. De virleienden Text hat a senger initialer Versioun och d'Bestrofung vun der Tentative de coups et blessures virgesinn. Opgrond vun deene ville praktesche Schwieregkeeten, déi esou eng Moossnam mat sech bruecht hätt, huet d'Kommissioun dem Statsrot seng Alternativléisung adoptéiert.

Dës Alternativléisung besteet an der Ausdehnung vum Artikel 329 vum Code pénal. Dësen Artikel gesäit d'Incriminatioun vun de Menaces d'attentat contre les personnes punissables d'une peine criminelle vir. Nom neien Artikel 329 sinn och d'Droungen, op deenen am Prinzip eng Polizeistrof steet, strofbar ginn. Wann d'Kommissioun d'Iddi opginn huet, de Versuch op Gewalt strofbar ze maachen, muss een awer op där enger Säit bemierken, datt d'Tentative vu kierperleche Verletzunge strofbar ass, esoubal dës Infractioune mat enger Strof krimineller Natur sanktionéiert ginn. Op där anerer Säit definéiert eis Jurisprudenz d'Notioun vun de Coups et blessures relativ ëmfaassend. Dës Notioun viséiert net nëmmen déi kierperlech Verletzungen, mä och déi séilesch.

D'Aféierung vun neie Référésprozeduren ass e weidere wichtege Schwéierpunkt vum Projet. D'Wegweisung vum Täter geet net duer fir d'Affer géint all Form vu Gewalt, déi net nëmme physesch ka sinn, ze schützen. D'Expulsioun vun der Wunneng hält den Täter net dovunner of säi Partner zum Beispill um Télefon ze harceléieren. D'Expulsioun, déi eng administrativ Moossnam ass, ass zäitlech begrenzt. Et muss een den Affer aner Méiglechkeeten ubidden sech ze schützen.

De virleiende Projet gesäit dofir dräi Zorte vu Schutzmoossname vir.

D'Geriicht kann engem Täter, deen aus der Wunneng vun der Police verwise gouf, den Zougank zur Wunneng fir eng Maximaldauer vun dräi Méint verbidden.

D'Geriichter kënnen och d'Expulsioun vun enger gewalttäteger Persoun ordonnéieren.

Schlussendlech sinn nach eng Rei aner Interdictioune virgesinn, déi virun allem no der Trennung vun der Koppel wäerte spillen, an déi zum Beispill als Zil hunn, dem Täter ze verbidde mam Affer a Kontakt ze trieden oder seng Kanner ausserhalb vu spezialiséierte Strukturen ze gesinn.

D'Référésprozeduren erlaben et den Affer zimlech schnell eng geriichtlech Entscheedung erbäizeféieren.

De virleiende Punkt setzt och op d'Verstäerkung vun den Affer-schutzorganisatiounen. No den Auteure vum Gesetzesprojet kann een net wierksam géint d'Gewalt doheem virgoen, wann een dës Verbänn net am Kampf géint d'Gewalt enk abënnt. Et dierf een net vergiessen, datt Afferschutzorganisatiounen iwwert eng ganz grouss Experienz verfügen a fir vill Affer eng vun den éischten Ulafstellen duerstellen.

De Projet gesäit vir, datt d'Police, esoubal se eng gewalttäteg Persoun opgefuerdert huet d'Wunneng ze verloossen, e Service d'assistance aux victimes de violence domestique muss iwwert déi Moossnam informéieren. D'Identitéit an d'Adress vum Affer ginn dësem Service matgedeelt. D'Affer kréien och nom Gesetzesprojet d'Méiglechkeet unerkannt, sech vun dësem Service assistéieren a beroden ze loossen am Kader vun enger Référésprozedur.

De virleienden Text gesäit schlussendlech och nach vir, datt all gréisseren nationale Verband, dee vum Justizministère zougelooss ass, en Droit d'action collectif unerkannt kritt an esou d'Rechter, déi normalerweis der Partie civile gehéieren, ausüben däerf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat war e kuerzen Iwwerbléck vun den Haaptpunkte vum virleiende Projet.

Ier ech hei ofschléissen, wëllt ech d'Geleeënheet notzen an eng kuerz Bemierkung maache wat déi therapeutesch Prise en charge vun den Täter ugeet. Esou eng Prise en charge ass enorm wichteg wann ee wëllt den Däiwelskrees vun der Gewalt ënnerbriechen. Et geet net duer den Täter aus der Wunneng ze verweisen. De Problem vun der Gewalt bleift bestoen, wann een dëser Persoun net entgéint kënnt an Hëllef ubitt. Well bei där nächster Fra oder där nächster Frëndin fänkt alles nees vu vir un.

Mir haten am Kader vun der Orientéierungsdebatt iwwert d'Violence domestique am Mäerz 2001 eng Motioun an der Chamber gestëmmt, wou d'Regierung opgefuerdert gouf esou eng Prise en charge virzegesinn. D'Regierung hat d'lescht Joer am Kontext vun der Fraendebatt gemengt, et misst een ofwaarde bis datt de virleiende Projet gestëmmt wier an a Kraaft géif trieden, fir ze kucke wat een nach kéint maachen an dësem Beräich.

D'Gesetz, huelen ech un, wäert haut gestëmmt ginn. Ech erwaarde mir, datt d'Regierung an deenen nächste Méint zu hirem Wuert steet a sech dem Problem vun den Täter wäert unhuelen. Et däerf een net vergiessen, datt d'Täter vun haut ganz oft d'Affer vu gëschter waren an domat den Zyklus vun der Gewalt ëmmer virugeet. Ech wëll d'Regierung drun erënneren, d'Täter an dësem wichtege Kampf géint d'Gewalt doheem net aus den Aen ze verléieren an hinnen Therapieméiglechkeeten unzebidden, fir hir perséinlech Problemer am Zesummenhank mat Gewaltausbréch kënnen ze léisen. Eng Méiglechkeet wär zum Beispill Selbsthilfegruppen, sou wéi et se am Ausland scho laang gëtt, anzeféieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif lech bieden de virleiende Gesetzesprojet eestëmmeg unzehuelen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marco Schank agedroen. Den Här Schank huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Marco Schank *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Ufank wollt ech menger Kolleegin, der Rapportrice Ferny Nicklaus-Faber, merci soe fir hiren excellente schréftlechen an och mëndleche Rapport.

Une voix.- Da maacht et.

M. Marco Schank *(CSV)*.- Merci, Madame Nicklaus-Faber.

***(Hilarité)***

Wëssenschaftlech Schätzunge soen, datt an der EU all véiert Fra mindestens eng Kéier Gewalt duerch hire Partner erfuer huet a bei all véiertem Gewaltverbriechen ass eng Fra d'Affer vun Aggressioune vun hirem Mann oder hirem Liewenspartner.

D'Gewalt doheem am Stot kann erschreckend Ausmoossen unhuelen a souguer mam Doud vum Partner oder Familljemember enden. Zwee vu fënnef Morde geschéien an Nordamerika tëschent Conjointen. Och bei eis sinn dat an der Zwëschenzäit keng Eenzelfäll méi. Nach hënt, Dir hutt et um Radio héieren, ass ee Mann gewalttäteg ginn an huet seng Frëndin mat engem Messer uerg blesséiert.

A wa mer scho bei den Zuele sinn: Et geet aus dem Rapport vun der Fraeministesch fir d'Joer 2000 ervir, datt 63% vun den Admissiounen a 70% vun den Demandë bei der Fondatioun Pro Familia op häuslech Gewalt zréckzeféiere sinn. Pro Familia hëlt sech virun allem den Affer vun der Violence domestique un.

72% vun de Fraen a jonke Meedercher, déi am Foyer «Sichem» 2002 opgeholl goufen, si wéinst der Gewalt, där si doheem ausgesat waren, dohinner komm. An egal wou ee kuckt, ob ee méi genee am Internet kuckt, ob een d'Zuele kuckt, déi sinn alarméierend an d'Tendenz ass an dësem Kontext steigend.

Et brauch ee sech just d'Zuelen unzekucken, déi an deene verschiddene Rapporte vun der Fraeministesch - ech hunn et gesot - stinn, fir sech bewosst ze ginn, datt d'Problematik an deene leschte Joren deelweis dramatesch zougeholl huet.

22 Frae goufe wéinst Gewalt an der Famill vun der Fondatioun Pro Familia am Joer 2000 opgeholl. Zwee Joer méi spéit sinn et der schonn 33. An de Conseil national des femmes, deen ënner anerem de Foyer Sud ënnerstëtzt, huet d'lescht Joer 37 Admissioune verzeechent opgrond ebe vu Gewaltproblemer an der Famill. Am Joer 2000 waren et «nëmmen» - wann een dat däerf esou soen - 26 Fraen.

Wann d'Fondatioun Foyer Paula Bové eng nei Opfangstruktur am Norden opmécht, dann ass dat och een Zeechen, datt de Problem nach soubal net wäert geléist sinn.

An et trëfft net nëmmen d'Fraen. D'Kanner sinn net nëmme matbetraff vun der Gewalt an de Familljen, mä d'Observéiere vu Gewalt géint d'Affer féiert zu där nämlechter Traumatiséierung wéi direkt Mësshandlungen.

Allzedacks gëtt fir Gewaltdoten, déi hannert der Wunnengsdier geschéien, keng Plainte gemaach a si gi vun der Öffentlechkeet net oder nëmmen zum Deel zur Kenntnis geholl.

D'Tatsaach, datt d'Violencen trotzdeem lues a lues de Wee bis an d'Öffentlechkeet fannen, an datt och juristesch Instrumenter d'Violences domestiques uprangeren, erkläre sécherlech zum Deel dës erschreckend Zuelen an Demanden och un zousätzlech Servicer an Opfangstrukturen.

An och wann et ëmmer nach immens schwéier ass sech als Affer ze äusseren an och Hëllef ze froen, huet sech awer d'Situatioun vun de Victimë wäitgehendst an deene leschten 30 Joer geännert.

Här President, et si vill Strukture geschafen a Servicer opgemaach ginn, déi versichen d'Affer ze beroden, ze hëllefen an si och an hiren Démarchen ze ënnerstëtzen.

Et ass méi einfach säi Mann oder säi Partner ze verloossen, wann ee weess datt ee sech op Strukture ka baséieren déi et dobausse gëtt a wou ee sech och op engagéiert Mënsche ka verloossen, fir deem Däiwelskrees do ze entkommen. An ech profitéiere vun dëser Geleeënheet all deenen engagéierte Leit e grousse Merci ze soe fir déi excellent an oft schwéier Aarbecht, déi se am Kader vun all deene Servicer an Opfangstrukture leeschten.

Mä mat der Ariichtung vu Strukturen, déi am Déngscht vun den Affer stinn, kann et net gedoe sinn, well de Problem vun der Gewalt jo bestoe bleift. A wa mer net virun der Gewalt doheem kapituléiere wëllen, brauche mer souwuel preventiv wéi awer och aktiv Moossnamen. Moossnamen, déi den Täter zum Iwwerleeë bréngen an och responsabiliséiere sollen.

Fir et nach eng Kéier ganz kloer ze soen: Drohungen a Gewalt doheem am Stot si keng Kavaléiersdelikter. Gewalt géint eng Fra a géint ee Kand ass esou zimlech dee feigsten Akt dies ee Mann sech ka schëlleg maachen. Vun deem Projet, dee mer haut hei debattéieren, geet ee ganz däitlecht Signal aus well e ganz kloer seet, datt d'Gewalt doheem ee Verbriechen ass, an nach dobäi ee ganz ellent Verbriechen. Ee Verbriechen, wat mat bis zu fënnef Joer Strof sanktionéiert ka ginn an esouguer méi, deemno wéi schlëmm dës Gewalt oder d'Konsequenze sinn, déi sech doraus erginn.

An dann: Deen dee schléit muss goen. D'Erausweisen aus der Wunneng duerch d'Police ass elo méi-

glech, ënnert deene Konditioune wéi de Projet de loi se virgesäit an op d'Autorisatioun vum Procureur d'Etat. An d'Police brauch net méi wéi virdrun dem Affer ze roden, selwer vun doheem fort ze goen. Dobäi kënnt déi sozial Isoléierung vum Täter, deen net nëmme keen Zougank zum Haus méi huet an deem Fall, mä och kee Kontakt dierf mam Affer ophuelen, respektiv senge Kanner. Deemno wéi däerf e seng Kanner just am Kader vu spezialiséierte Strukture gesinn. An anere Wierder: D'Gewalt doheem kritt op eemol och öffentleche Charakter.

Dëst alles dierft op eng Partie vun de Männer ofschreckend wierken, an dorëm geet et. D'Ächtung vun der Gesellschaft an déi haart Sanktioune sinn Argumenter fir den Täter, säi Behuelen ze iwwerdenken an ënner Ëmstänn och ze änneren.

Mä mir sollen eis keng Illusioune maachen. Bei notoresch gewalttätege Männer hëlleft och keng Wegweisungsmoossnam, oder éischter wéineg. An déi héich Sanktioune wäerten och hei kaum dat gewënschtent Resultat mat sech bréngen. Déi Leit si ganz einfach krank an et bleift d'Noutwendegkeet, datt se gehollef musse kréien.

De Kampf géint d'häuslech Gewalt kann ee just gewannen, wann ee sech iwwert d'Problemer vun de gewalttätege Männer bewosst ass. Déi däerfen net vergiess ginn, well soss bréngen all déi Moossnamen déi mer ergräifen, also déi Gesetzer, och dat wat mer haut stëmmen, all déi Sensibiliséierungscampagnen, déi mer finanzéieren, am Endeffekt näischt.

De Problem wäert weider bestoen a sech och weider multiplizéieren, well, an dat huet meng Fraktiounskolleegin virdru richteg gesot, d'Affer vun haut si méiglecherweis d'Täter vu mar, déi den Zyklus vun der Gewalt wäerte virun droen.

Wann een dem Papp net hëlleft, riskéiert een, datt de Jong a sengem spéidere Liewen datselwecht onmënschlecht Behuele wéi säi Papp wäert un den Dag leeën an da fänke mer erëm vu vir un. Sou mécht dat kee Sënn.

Här President, dat virleiend Gesetz huet och eng Rei vu Schwächten. D'Fortweise vum Täter aus der Wunneng dauert am Normalfall dräi Méint, wa bis dohinner keng Scheedungsklo agereecht ginn ass, also keng Ordonnance vum Riichter virläit iwwert d'Mesures provisoires. Ech mengen, datt dräi Méint ënner Ëmstänn net duerginn. Fir vill Fraen, notamment déi méi eeler, déi net beruffstäteg sinn oder Migrantinnen, ass et dacks net méiglech an esou enger kuerzer Zäitspan d'Scheedung anzereechen.

Ech hat schonn op dëse Problem opmierksam gemaach an dat am Kader vun der Orientéierungsdebatt iwwert d'Violence domestique. Deemools hunn ech dat éisträichescht Gesetz, wat jo dëse Projet inspiréiert huet, analyséiert gehat. Och wann ech mam Prinzip vu méi héije Sanktiounen am Kader vu Violence domestique méi wéi averstane sinn, muss een awer feststellen, datt dëse Projet riskéiert mat sengen héije Sanktiounen déi gewéinlech Gewalt ze banaliséieren. Gewalt op der Strooss ass och inakzeptabel. Ech denken, et misst een hei d'Texter vum Code pénal och iwwerschaffen. Am Klortext: d'Sanktiounen am Kader vun der gewéinlecher Gewalt sollten och eropgesat ginn.

Dat éisträichescht Gesetz a seng Erfolleger waren a sinn zum Deel ëmstridden. Et ass net ausgeschloss, datt och dee lëtzebuergeschen Text en ähnlecht Schicksal erwaart, wann ech kucke wat alles gesot an och geschriwwe ginn ass iwwert dëse Projet. Ëmännerungen a Verbesserunge sinn net ausgeschloss an ëmmerhin ass dat Ganzt jo och Neiland. Ech sinn awer ganz fest iwwerzeegt, datt mat dësem Projet de loi déi richteg Akzenter gesat ginn an de richtege Wee ageschloe gëtt. Ech mengen och, datt ee sech op eis Police, eise Parquet an och eis Riichtere ka verloossen, fir datt dëse Projet sënnvoll a senge potentielle Méiglechkeeten och ugewannt gëtt.

Här President, zum Schluss wollt ech soen, datt meng Fraktioun dëse Projet als eppes Wichteges ugesäit an datt meng Fraktioun en och selbstverständlech stëmme wäert.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydie Err agedroen. D'Madame Err huet d'Wuert.

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Gewalt doheem, Dir Dammen an Dir Hären, ass fir Fraen déi éischt Doudesursaach viru Kriibs a virun Autosaccidenter, an ongeféier 70% vun alle Scheedunge ginn zréck op haislech Gewalt. Wann een dat gesot huet, brauch een am Fong net méi ze beweisen, wéi wichteg dee Phenomeen an eiser Gesellschaft ass a wann een nach dobäi seet, dass fir eng Fra vu 15 bis 44 déi éischt Ursaach vun Invaliditéit a vun Doud haislech Gewalt ass, da mengen ech, ass et kloer vu wat mer schwätzen. Obschonns dat net ëmmer esou war, well et ass ee Sujet, dee mat ganz anere wéinege Sujeten haut och nach tabuiséiert ass. Et ass just eppes Guddes bei deem Phenomeen, wann een esou ka soen, en ass gläichméisseg op der Welt verdeelt.

Et kënnt ee soen, dass et deen Drama op der Welt ass, deen am beschte verdeelt ass, sief dat tëschent entwéckelte Länner a Länner, déi amgaange si sech ze entwéckelen, ouni Ënnerscheeder tëschent Statut social, tëschent Educatioun, wat den Alter ubelaangt oder wat d'Relioun ubelaangt, iwwerall op der Welt, indépendamment vun all deenen Elementer, déi ech elo genannt hunn, ass dee Phenomeen terribel verbreet an esou gesinn ass also emol eppes gerecht verdeelt op der Welt.

D'Gewalt doheem ass eng Gamme vu verschiddene Manéiere fir sech ze behuelen, déi eng Persoun vis-à-vis vun enger anerer exerzéiert, fir dass déi mécht wat deen anere gären hätt dass se soll maachen an esou gesinn ass et ganz kloer, dass Gewalt doheem eppes mat Pouvoir ze dinn huet, net nëmmen eppes mat Gewalt, well et muss een hannert der Gewalt och déi Ursaach sichen, déi derhannert stécht. Et ass dofir och kloer, dass Gewalt doheem net e Phenomeen ass, deen eemol passéiert, mä et ass e Prozess, dee sech während Joren hinzitt an doduerch et bis dato onméiglech gemaach huet de Phenomeen iergendwéi an de Grëff ze kréien.

Et ass natierlech och schwéier zu Lëtzebuerg ze probéieren eppes an de Grëff ze kréien iwwert dat ee keng Statistiken huet an ech mengen, dass dat ee vun deenen Aspekter ass, déi mer musse verbesseren, well et kann een net nëmmen eppes analyséiere wat ee kennt, also wat e relevéiert huet, wat ee recherchéiert huet, wat ee studéiert huet a vun deem ee weess herno, dass d'Theorie, déi eventuell Wëssenschaftler festgestallt hunn, an der Praxis och eppes bréngt.

An der Schwäiz si se, wat hir Statistiken ubelaangt, vill méi wäit an ech ginn Iech dofir e puer Zuelen aus der Schwäiz, well vergläichbar dat sécherlech net esou wäit ewech ass vun den Tatsaachen zu Lëtzebuerg.

Sechs Frae stierwe wéinst Gewalt doheem pro Joer. 50% - an dat ass en Element, wat mer wierklech wichteg erschéngt - vun allen Depressiounen, déi Fraen hunn, kommen hier vun den Ursaache vun der Gewalt doheem, grad esou wéi Alkoholismus bei Fraen, Drogenofhängegkeet, Ofhängegkeet vu Medikamenter an esou weider. D'Suizidquot ass fënnefmol esou héich bei Fraen, déi doheem Gewalt erlieft hu wéi bei normale Suizidgefährdeten. Och dat beweist d'Gravitéit vum Phenomeen iwwert dee mer schwätzen.

De Coût vun der Violence domestique ass och en Element, wat nach net vill ugeschwat ginn ass, wat et awer géing verdéngen ugeschwat ze ginn. An zwar ass och an der Schwäiz nogerechent gi wat dat soll kaschten, an 1999 huet d'Schwäiz ausgerechent: De Coût fir de Statsbudget an der Schwäiz vun der Violence domestique waren ëmgerechent 10 Milliarde Flux. Ech kann dat elo net an Euro ëmrechnen. Dat hunn ech verpasst. Dobäi ass natierlech net agerechent dee Coût, deen d'Leit doheem erliewen, dee mënschleche Misär, deen d'Violence domestique mat sech bréngt an déi sozial Strukturen, déi mussen ausgebaut ginn an déi och natierlech esou einfach an hirem Fonctionnement net sinn.

D'Preventioun vun deem Phenomeen ass natierlech deier, mä manner deier wéi d'Reparatioun vun deem an ech mengen, dass déi Chifferen aus der Schwäiz dat u sech hu fir dat kënnen ze beweisen.

Vill Frae realiséieren net, dass si an enger Gewaltbezéiung liewen, wann et net doheem Schlëi gëtt, déi Tracen hannerloossen an déi evidenterweis als dat kënnen identifiéiert gi wat se sinn. Mä et gëtt aner Zorte vu Violence am Stot, wéi zum Beispill enger Fra, déi net schafft, kee Su ginn ouni Ufro, keng Sortien erlaben, sief dat eleng mat Frëndinnen oder mat der Famill. Schikane gratis, wéi zum Beispill ganz genau lessenszäiteprogrammer an esou weider an aner Komportementer, déi am Fong e permanenten Drock oder en Terror doheem régnéiere loossen, deen et mat sech bréngt, dass d'Kanner an hir Zëmmere verschwannen esou bal wéi de Mann heem kënnt, deen net nëmme ganz oft vis-à-vis vu senger Fra esou e Verhalen huet, mä och vis-à-vis vun de Kanner. Och do geet et ëm d'Kontroll, Macht, fir dass alles geet wéi et goe soll oder dass et soll bleiwe wéi et soll sinn. Dat heescht also, dass d'Machtusprech vun engem vun de Partner sollen erfëllt ginn.

D'Forme vun der Gewalt doheem si verschiddenaarteg. Déi kënne kierperlecher Natur sinn, psychescher Natur sinn, an ee vun den Avantagë vun eisem Gesetz ass eben deen, dass och déi psychesch Violence an den Texter mat dran ass. Och sexuell Violence ass mat dran an ekonomesch Violence, esou dass all Aspekter duerch eist Gesetz ofgedeckt ginn. Wat natierlech net méiglech war, dat war déi strukturell Gewalt an der Gesellschaft, déi géint d'Frae besteet, mat anzebegräifen, well dat eben en Deel vun der Ambiance ass, géint déi een net mat Gesetzer, mä nëmme mat Mentalitéitswiessel kënnt ugoen.

Wat och ëmmer d'Form vun der haislecher Gewalt ass, ass et kloer, dass all Zort vu Gewalt eng Violatioun ass vum Mënscherecht vun deemjéinegen, deen d'Gewalt erleit an dass et eng Entrave ass iwwert d'Egalitéit tëschent de Bierger a Biergerinnen an eng Entrave, déi als infranchissabel qualifiéiert gëtt.

Et gëtt och gesot, an et ass richteg wann een d'Elementer kuckt, dass ee Gewalt doheem ka rapprochéiere mat enger Tortur, well déi Aggressioune vu physescher a psychescher Natur, déi meeschtens d'Fra erleit, déi bréngen Humiliatiounen um Kierper an un der Séil mat sech an déi Aktiounen, déi si bei der Violence domestique wéi bei der Tortur an der Zäit undauernd. Dat Eenzegt wat déi zwee vuneneen ënnerscheet, dat ass, dass am Fong déi Tatsaach nach méi grave ass bei der Gewalt doheem, dass d'Opfer eng perséinlech Relatioun huet mat deemjéinegen, dee si permanent ënner Drock setzt.

Et gëtt näischt esou wéi e Robot schématique vun engem Gewalttäter. Et gëtt och kee Robot vun enger Victime. Kloer ass, dass et e Phenomeen ass wat et op alle Plazen, an alle Gesellschaften, an alle Milieuë gëtt an et ass och Tatsaach, dass et d'Fraen, déi finanziell onofhängeg sinn, net dovir schützt, fir kënnen Affer vu Gewalt doheem ze ginn. Et ass nämlech guer net esou einfach fir d'Fraen, esou eng Gewaltbezéiung zu Enn ze bréngen, well paradoxalerweis ass déi Relatioun mam Täter ëmmer nach vu Gefiller geprägt an d'Pressioun fir fortzegoen, déi gëtt renforcéiert duerch d'Angscht ëm d'Kanner, duerch eng eventuell Absence vun eegene Mëttelen, awer virun allem duerch déi Tatsaach, datt et no enger Séparatioun wéinst Gewalt doheem normalerweis net besser geet.

Am Franséische gëtt et déi Formule déi seet: «Fuire est plus dangereux que subir». Et ass och kloer, an d'Statistike beweisen dat, datt 50% vun den Assassinater vu Fraen net passéiere während der Dauer vun dem Zesummeliewen, mä no der Trennung, sou datt déi Angscht vun de Fraen, fir fortzegoen a sech fräizemaache vun enger Gewaltbezéiung, eng ganz berechtegt ass. D'Statistike beweisen dat.

Et wier dann natierlech och interessant ze kucken, wou déi Ursaache vun där Gewalt do hierkommen, well et kann net sinn, datt ëmmer nëmme gesot gëtt, datt déi Männer géife klappen, bei deenen doheem och geklappt ginn ass, well iergendwann eng Kéier huet et jo missen ugoen domadder, an dofir mengen ech, datt et interessant ass op de Soziolog Pierre Bourdieu zréckzegräifen, dee probéiert huet a „La domination masculine“ ze erklären, wou déi Gewalt géint Fraen a Kanner, dat heescht géint déi schwächste Glidder an der Gesellschaft, hierkënnt. Ech liesen elo vir, well wann ech probéieren dat ze iwwersetzen, da gëtt dat net ganz vill.

«Le sociologue Pierre Bourdieu explique que les femmes subissent un travail de socialisation qui va façonner leur place dans la société, c'est-à-dire une place de dominée, les hommes subissent aussi des pressions de la part de leur père, pressions dont ils sont quelque part victimes pour exercer une position dominante. Ainsi» - an dat ass, mengen ech, de Punkt - «le recours à la violence est la conséquence des rapports de domination entre hommes et femmes, mais l'homme dans sa position dominante doit sans cesse prouver qu'il mérite cette position et doit donc affirmer sa virilité. Cette virilité doit être validée par les autres hommes et se manifeste généralement par des actes de violence ou de véritables épreuves de virilité. Cette forte image de la virilité diffusée par la société engendre et légitime cette violence dirigée contre les femmes.

De plus la plupart des études ont montré que la position des femmes et les rapports de violence qui leur sont infligés relèvent des agents et institutions qui ont maintenu, validé, voire créé un tel système. La famille, l'église et l'école ont entretenu des rapports de domination et de violence». An da si mer erëm bei enger Form vu Violence structurelle, déi am Fong an eiser Gesellschaft existéiert an där soll probéiert gi mat dësem Gesetz bäizekommen.

Wéi grouss de Phenomeen vun der Gewalt doheem ass, léisst sech vläicht mat Zuele beleeën, a verschidde Kolleegen déi viru mir geschwat hunn, hunn der e puer gesot. Ech wëll Iech eng aner soen. D'Statistike beweisen, datt a Russland beispillsweis pro Joer 13.000 Fraen ëmkommen duerch Gewalt doheem, a just als Vergläich ass d'Ziffer ugefouert vu 14.000 russesche Krieger, déi am zéngjährege Krich an Afghanistan gefall sinn. Iwwert déi am Afghanistan waren natierlech all Dag d'Zeitunge voll. Vun deenen 13.000 Fraen, déi all Joer a Russland stierwen, denken ech net, datt esou vill Ophiewes gemaach gëtt, wéi dat fir déi aner bei eis an den Zeitungen de Fall ass.

D'Problematik ass därmoosse schwéier, well se an der Zäit undauert, well se tabuiséiert ginn ass, well se geprägt ass duerch eng ekonomesch Ofhängegkeet an och duerch eng Angscht fir sech ze trenne vun där Gewaltbezéiung, well och den Drock vun der Gesellschaft, vun der Famill do ass, well d'Angscht do ass, datt d'Kanner drënner ze leiden hätten, wa se ouni Papp géifen opwuessen. Et ass och esou, datt gefaart gëtt, datt d'Garde vun de Kanner kënnt verluer goen duerch e Mann, dee menaçant ass an deen heiansdo viru kenge Mëttelen zréckschreckt fir och viru Geriicht nach e gutt Bild ofzeginn.

Wat natierlech bis elo nach net ugeklongen ass, dat ass wat fir een Effet déi häuslech Gewalt op d'Kanner an op d'Famill en général huet. Et brauch een net wäit sichen ze goen, fir ze soen, datt Kanner, déi an enger Gewaltatmosphär an der Famill opwuessen, natierlech méi sensibel si fir Subterfugen ze siche vun där schwiereger Atmosphär ewech an Alkohol an Toxicomanie, datt se Schwieregkeeten hu sech ze konzentréieren, domadder Schwieregkeeten hu sech ze sozialiséieren an en uerdentleche Beruff ze léieren, an duerch déi Unheefung vu Frust am Fong riskéieren deen eenzege Modell, dee se vun doheem kennen, ze reproduzéieren.

Esou datt iwwert de Coût fir d'Gesellschaft vun der Gewalt doheem eraus dee mënschlechen Impakt terribel ass, an zwar net nëmme fir déi direkt Opfer, mä fir d'Zeie vun den Opfer, déi Gewalt doheem erliewen, während et doheem jo eigentlech sollt déi Plaz sinn, wou ee sech erhëlt, wou ee sech gebuerge spiert a wou een näischt ze fäerte brauch.

Firwat ass dee Phenomeen vun der Gewalt doheem esou laang occultéiert ginn, wou aner Zorte vu Gewalt schonn zënter Joren öffentlech gemaach gi sinn? Aus zwou Ursaache sécherlech, an zwar datt zu Recht behaapt ginn ass, datt d'Gewalt doheem sech natierlech an enger Privatsphär ofspillt an datt d'Privatliewen an de Besëtz vu Privatpropriétéit duerch d'Verfassung geschützt sinn. Dat huet mat sech bruecht, datt jorzéngtelaang behaapt ginn ass, d'Gewalt doheem géif d'Gesellschaft näischt ugoen, well et sech am Privatliewen ofspillt an zwar an engem verfassungsméisseg geschützte Kader, an deen d'Öffentlechkeet kee Recht hätt eranzekucken.

Dat war natierlech nëmmen esou ze argumentéiere wéinst där Inégalitéit, déi an eiser Gesellschaft ass an, Gott sei Dank, ass och dëst Gesetz op deem Punkt e Mëttel fir géint déi Konzeptioun erunzegoen. Et ass evident, datt wann ee Gesetz wéi dat heite gestëmmt gëtt, datt dat heescht, datt häuslech Gewalt net e Privatphenomeen ass, mä eng öffentlech Affär ass, datt d'Politik responsabel ass fir drun erunzegoen, an datt muss évaluéiert ginn, ob déi Verspriechen, déi et um Pabeier bréngt, an der Praxis kënne gehale ginn.

Wat kann ee maachen ausser engem Gesetz, an dorobber kommen ech herno ganz kuerz zréck, well meng Virriedner dat schonn ugeschwat hunn. Ech mengen, datt et wichteg ass, datt och zu Lëtzebuerg, wat jo awer eng Compositioun vu senger Bevölkerung huet,

déi ganz speziell ass, misste Statistiken an Etüde gemaach ginn, a sief et nëmme fir ze kucken, ob déi Etüden an Expertisen aus dem Ausland och op Lëtzebuerg Uwendung kënne fannen, fir ze wësse wéi wäit de Phenomeen iwwerhaapt sech ausgebreet huet, a fir doraus kënnen ze schléisse wéi een am beschte kann dergéint ugoen, fir déi Opfer ze schützen an déi Täter ze strofen op eng Aart a Weis, datt deen Dauerterror, deen dann doheem stattfënnt, kann ënnerbrach ginn.

D'Gesetz, ëm dat et hei geet, huet vill technesch Aspekter, déi vun der Rapporterin ugeklonge sinn an ech mengen, datt et lästeg wier, fir nach eng Kéier drop zréckzekommen. Ech wéilt vläicht just e puer Punkten nach eng Kéier opziele fir ze weisen oder ze soen, wat ech als Prioritéiten an dësem Gesetz fannen.

Dat ass éischtens emol déi Expulsion préventive duerch d'Police esoubal een Indice do ass, datt eng Infraktioun an engem Privathaus passéiert géint déi kierperlech Onversehrtheet vun engem vun deenen déi do liewen, datt doduerch net méi brauch eng Décisioun vum Geriicht virzeleien, mä just en Accord vum Procureur d'Etat an datt et duergeet, datt e Protokoll dresséiert gëtt, deen och d'Victime an de Grapp kritt, fir datt se, fir déi Démarchen déi sech duerno erginn, kann noweisen a wat fir enger Situatioun se sech befënnt.

Wichteg ass, datt am Gesetz expressis verbis steet, datt dat och ka passéiere wann den Täter vun der Gewalt behaapt, hie kënnt net expulséiert ginn, well dat Haus an deem dat passéiert ass, him selwer géif gehéieren, oder hien hätt en Droit d'habitation, well dat Haus wier e Bien personnel oder wat och ëmmer. Déi Tatsaach datt dat am Gesetz steet, mengen ech, ass onschätzbar an der Praxis. Et ass ebe just duerch Argumenter vun där doter Zort, wou bei avéréierter Gewalt géint d'Fra de Mann net erausgesat ginn ass, mä d'Fra an e Foyer bruecht ginn ass, fir se der Gewalt ze entzéien, well ebe ganz oft déi Propriétéitsfroen an d'Feld bruecht gi sinn, déi mat sech bruecht hunn, datt am Fong den Täter fälschlecherweis an der Illusioun gelooss ginn ass, et wier alles an der Rei, well hie wier jo net deen, deen hätt missen d'Blat botzen.

Interessant ass och, zweetens, datt den Délai vun deenen zéng Deeg ouni Prozedur bäibehale konnt ginn, an datt och bei der Expulsioun eng Interdictioun fir heem ze goen dru gekoppelt ass, wann net een Accord op där anerer Säit do steet. Dat alles si Saachen, déi an der Praxis onschätzbar sinn, well genau dat sinn déi Detailer, un deenen e Gesetz hätt kënne scheiteren, wann deen een oder anere wichtege Punkt vergiess gi wier. Et ass och esou, dass eng Expulsioun ka forcéiert ginn, wann den Täter net wëllt, an dass déi Prozedur, déi ee muss aschloen, fir dass déi zéng Deeg, wéi soll ee soen, Terrorfräiheet doheem kënne verlängert ginn, vill méi einfach ass wéi dat an normale Prozeduren de Fall ass. Et ass net wéi an enger Procédure de divorce, wou muss duerch en Affekot eng Prozedur agereecht ginn, déi duerch Dierwiechter zougestallt gëtt. Hei geet et duer mat engem Bréif, deen déposéiert gëtt, ouni Affekot ass dat also och méiglech, beim Tribunal, fir eben eng Verlängerung vun där Schutzzäit do ze froen, esou dass och do all wichteg Detailer respektéiert gi sinn.

Drëttens ass et och interessant fir ze gesinn, dass dat net nëmme spillt, wann d'Opfer de Conjoint oder de Concubin vun deemjéinegen ass, dee Gewalt ausgeübt huet, mä och wann et Descendanten oder Ascendantë si vun deemjéinegen, deen d'Gewalt erlidden huet. Wann et awer Descendantë si vun deemjéinegen, deen d'Gewalt gemaach huet, kënnen nëmmen déi eng Protectioun speziell vun dësem Gesetz kréien, wann d'Descendantë mineur oder handicapéiert sinn. Och do sinn also déi fragilste Mitglieder aus der Famill iwwert dat Normaalt eraus geschützt. Och dat ass e positiven Aspekt.

E véierte Punkt, kënnt ee soen, ass d'Tatsaach, dass am Code pénal Circonstances aggravantes ageschriwwe gi fir all déi Infractiounen, déi eng Atteinte op d'Intégrité physique mat sech bréngen, dann, wann tëschent dem Opfer an dem Täter eng Relation personnelle besteet. Dat ass de Fall beispillsweis bei Conjointen oder Concubinen.

E fënnefte Punkt, deen et verdéngt ënnerstrach ze ginn, ass deen, dass wann deejéinegen, deen erausgesat ginn ass, sech net un déi Décisioun hält, dann ass et méiglech, dass erëm eng Plainte gemaach gëtt, an dass eng Infractioun mat enger Peine ausgeschwat ka ginn, déi relativ héich ass an déi am Fong dann en ofschreckend Beispill ass an d'Leit wahrscheinlech wäert dozou bréngen dëst ze ënnerloossen.

E sechste Punkt, dee sécherlech och derwäert ass ënnerstrach ze ginn, ass deen, dass d'Médiation pénale am Fall vun haislecher Gewalt net autoriséiert ass, an obschonn de Statsrot net där Meenung war, ass d'Kommissioun bei dësem Punkt bliwwen. Ech denken och, dass et wichteg ass, dass dat esou ass, aus där Ursaach, well dat Gesetz iwwert d'Médiation pénale, wat mir zu Lëtzebuerg hunn, net e Complément zu enger normaler Poursuite méiglech mécht, mä am Fong nëmmen eleng eng Alternativ ass zu engem Classement vun de Poursuiten.

Wann also d'Médiation pénale am Fall vun haislecher Gewalt géing spillen, da kënnt dat mat sech bréngen, dass wann eng Médiatioun géif ugefaange ginn, da keng Poursuite méi um Geriicht géif kommen, dass d'Méiglechkeet da gi wier iwwert d'Médiatioun esou en Drock op d'Opfer ze maachen, dass dat aus där Gewaltbezéiung vu virdrun eraus logescherweis kënnt drop erauskommen, dass keng Poursuitë géife kommen an deene Fäll, wou se trotzdeem ubruecht wieren a wou se absolut indispensabel si fir d'Opfer ze schützen.

En aneren a leschte Punkt, deen ech hei wollt uschwätzen, ass dee vun der Méiglechkeet ausserhalb vun enger Procédure de divorce, dat heescht beim Zesummeliewen tëschent Leit, déi net matenee bestuet sinn, an där Situatioun wou d'Cohabitatioun onméiglech gëtt duerch de Comportement vun engem vun deenen, déi zesummeliewen, dass ugefrot ka ginn, dass ee provisoresch fir eng Zäit vu maximal dräi Méint kann aus dem Haus erausgewise ginn, fir eben esou Rou ze schafen, fir dass d'Opfer vun deem Drock, dee virdrun doheem geherrscht huet, kann an aller Sérénitéit déi Décisioun huelen, déi seng Zukunft ubelaangt.

De Statsrot huet an dësem Dossier, wéi et och net aneschters erwaart ginn ass, jiddefalls vun deene Leit, déi wësse wéi schwiereg déi Matière hei ass, sech retizent gewisen. Et war awer trotzdeem méiglech op ville Punkten zu enger Solutioun ze kommen, déi deelweis jiddefalls dem Statsrot Satisfaktioun ginn huet an deelweis de Prétentioune vun der Kommissioun gerecht ginn ass.

Ech wëll dofir just op zwou Saachen zréckkommen, wou mer gemengt hu Konzessioune missen ze maachen, fir dass de Projet méiglechst schnell sollt duerchkommen.

Fir d'éischt emol de Fichier pénal spécifique, deen am Gesetzesprojet dra stoung an deen et erlaabt hätt, net nëmme Condamnatiounen oder juristesch Tatsaachen anzedroen, mä och beispillsweis Plainten, Visitë vun der Police op Plazen, wou iergendeppes passéiert ass. Am Fong e Gewaltprofil ze erstelle vun engem Mënsch, deen de Casier judiciaire natierlech net hier ka ginn, well do nëmme Saachen dra stoe kommen, déi definitiv Condamnatioune betreffen.

Deen zweete Punkt, deen ech bedaueren, méi nach wéi deen éischten, ass deen, dass de Statsrot net d'accord war fir eng Suspension provisoire vum Droit de visite bei mannerjährege Kanner ze ginn an deem Fall, wou e Gewalttäter expulséiert ginn ass. Et muss een erlieft hu wéi Fraen, déi jorelaang geschloe gi sinn, sech spieren, wann de Weekend kënnt a wa se hir Kanner bei dee Mann sollen oder musse schécken, dee si selwer jorelaang virdru schikanéiert huet a vun deem si net ka wëssen, ob aus Frust, well am Fong elo déi Lieblingsvictime vläicht net méi dorëmmer ass, d'Kanner elo sollen respektiv mussen hierhalen oder net.

Et ass richteg, an de Kompromëss huet doranner bestanen, dass och déi Méiglechkeet, déi am Originaltext dra stung, soll deelweis bäibehale ginn, an zwar iwwert de Wee, dass Riichteren d'Méiglechkeet solle kréien, deen Droit de visite, bis eng Décisioun iwwert d'Séparatioun oder den Divorce geholl gëtt, ze suspendéieren oder awer nëmmen en Droit de visite ze accordéieren, dee sech an enger spezieller Struktur soll kënnen ofspillen.

Dat kléngt um Pabeier natierlech net schlecht als Kompromëss, mä wien awer weess wéi retizent d'Riichtere sinn, fir deem Elterendeel, deen d'Garde vum Kand net huet, säi Besuchsrecht ewechzehuelen, dee weess, dass dat doten um Pabeier vill besser ausgesäit wéi dat an der Praxis wäert de Fall sinn.

Et sief dann, an dat ass meng Hoffnung, déi mat dësem Projet verbonnen ass, dass mer et fäerdeg bréngen - en Deelaspekt, deen am Projet menger Meenung no net genuch zum Droe komm ass, an zwar dee vun der Formatioun a vun der Sensibilisatioun vun allen Acteuren, déi mat haislecher Gewalt zesummekommen -, dass mar déi Leit, déi haut net agesinn, dass dat fir d'Leit eng Saach vun der Onméiglechkeet ass, fir a Rou hir Kanner engem ze ginn, dee si selwer virdru geschloen huet, Versteesdemech dofir kréien, an dass dat vläicht dann duerch d'Jurisprudenz kënnt eng courant Praxis ginn, wéi se eigentlech am Originaltext agedroe war.

Fir den drëtte Punkt ganz kuerz ze sträifen, de Statsrot huet och gemengt hie misst de Cercle vun deene Leit, déi sollen duerch dëst Gesetz geschützt ginn, méi kleng maachen. Mir hunn do eist Bescht gemaach fir op e gemeinsamen Nenner ze kommen a fir laanscht eng Opposition formelle ze kommen. Dat ass eis gelongen, esou dass et vläicht grad esou gutt ass mir kommen net méi dorop zréck.

En allerleschte Punkt, wat de Statsrot ubelaangt, ass, dass am Fong déi Incrimination vun enger Tentative de coups et blessures volontaires, déi am Text war, erausgeholl ginn ass an ersat ginn ass duerch eng aner Infractioun. Domadder kann ee liewen. An der Praxis wäert et grad esou schwéier bleiwen dat hei ze beweisen, wéi dat wat am Regierungstext stung. Et ass just erstaunlech, dass mer d'lescht Woch op därselwechter Plaz wéi haut et hei fäerdeg bruecht hunn am Kader vum Terrorismus iwwert d'Tentative eraus, Préparatoiren an Indicë mat Strofen ze behänken, vun deenen een an dësem Kontext eigentlech nëmme kënnt dreemen, mä Exceptioune fir d'Sécherheet vun de Fraen ze maachen ass sécherlech net déiselwecht Saach wéi Exceptiounen ze maache fir d'Sécherheet oder déi vermeintlech Sécherheet vun eiser Gesellschaft géint Terrorismus.

Sechs Prinzipie leien dësem Gesetzesprojet zu Grond, an déi sinn essentiel. Dat ass éischtens, dass déi haislech Gewalt erauskënnt aus dem Privatberäich an eng öffentlech politesch Affär gëtt. Dann dass et eng Unerkennung ass vum Recht op Sécherheet fir jiddfereen, dass Sécherheet e Mënscherecht ass, dass Opferschutz contrairement zu deem, wat haut nach de Fall ass, Virrang huet virun dem Ordre public, dass öffentlech Ächtung vun der Gewalt, och vun der Gewalt doheem, Gesetz gëtt. Et ass dofir wichteg, dass d'Police als - wéi soll ech soen? - Incorporatioun vun der Autoritéit an eiser Gesellschaft, déi ass, déi kann, an engem éischte Stadium jiddefalls, ouni Geriichtsuerteel déi Expulsiounen do virhuelen, an dass d'Responsabilitéit vum Täter esou öffentlech gemaach gëtt.

Déi relativ héich Strofe solle sécherlech d'Ofschrecke vu Gewalt doheem mat sech bréngen. Bedauernswäert ass, an ech hunn lech et scho gesot, dass d'Sensibilisatioun, déi vum Ministère aus ugeschwat ginn ass, sécherlech nach net déi ass, déi se géing verdéngen, well wann dat esou wier, da missten och beispillsweis d'Représentantë vun der Press geschoult gi fir iwwer Gewalt doheem net nëmme plakataarteg ze berichten, mä Recherchen, Ursaacherecherchen ze maachen an esou eng Berichterstattung ze maachen, déi am Fong der Gravitéit vum Phenomeen géing gerecht ginn.

D'Preventioun ka vläicht méiglech gi mat dësem Gesetz, wann d'Informatiounscampagne geet. Ech hat am Fong wëlles eng Motioun doriwwer ze maachen, mä ech si sécher dass déi zoustänneg Ministesch net ofstreit, dass dat bescht Gesetz net vill déngt, wann et net dobausse bekannt ass, an dass wann ee gären hätt dass et bekannt gëtt, et net duer geet fir schrecklech Filmer ze maachen - eng Initiativ déi ech begréissen -, mä dass massiv an den Zeitungen, an der Press, där geschriwwener an an de Radioen iwwert d'Gesetz bericht gëtt an drop opmierksam gemaach gëtt, wat sech vun deem Moment u wou d'Gesetz a Kraaft trëtt ännert, an dass et dann net méi esou ass, dass ee sech liichtschaz kann hannert engem Kavaléiersdelikt verstoppen, wann een eng Fra huel a blo schléit.

D'Coopération institutionnelle ass ee vun deenen Elementer, déi an eisem Gesetz sinn, an domadder wëll ech am Fong ophale mat deene Prinzipieremarken, an et ass esou dass an Éisträich, wou dat Gesetz 1997 komm ass, déi éischt Evaluatioune beweisen, dass de Succès vum Gesetz ofhänkt, ob déi Kooperatioun ënnert den Institutioune klappt oder net. Et ass also wichteg wa mer dat wëssen, dass och zu Lëtzebuerg opgepasst gëtt dass déi Öffentlechkeetsaarbecht an déi Kooperatioun do esou gefouert gëtt, dass dat Gesetz an der Praxis wierklech voll zum Droe kënnt.

Et kënnt een nach zwou Saachen ufëieren zum Schluss, an zwar d'Recommandatioun vum Conseil de l'Europe, déi 2002 d'lescht Joer also geholl ginn ass a wou déi ganz Recommandatiounen - an ech mengen et waren der eng 30 - am Gesetzestext dra sinn, ausser zwou, dräi, déi ech hei wéilt opzielen, an dat wier engersäits d'«Formation des professionnels travaillant avec des jeunes ainsi que du personnel de santé pour identifier les enfants et les adolescents qui vivent dans des foyers où règne la violence et de prendre les mesures nécessaires pour leur porter assistance».

An zweetens ass eng Iddi, déi wierklech ganz wichteg ass, d'«offrir aux personnels médicaux une formation leur permettant d'identifier les victimes de violence». Well ganz oft ass esou, dass d'Opfer bei den Dokter ginn a behaapten, se wiere géint d'Heizung gefall oder d'Trapen erofgefall, an dass et net evident ass fir e Generalist oder fir e Kinésithérapeute kënne festzestellen, wann en net dorobber sensibiliséiert gëtt, ob déi Blessuren, déi e soll behandelen, effektiv kënne vun enger Chute kommen an net eventuell vu Schléi, déi fräiwëlleg ausgedeelt gi wieren.

Dann gëtt et en drëtten Aspekt, deen an eisem Gesetz net mat respektéiert ginn ass, an zwar dee vun immigréierte Fraen, respektiv och vun immigréierte Männer. Hei ass an der Recommandatioun gesot, dass wann et feststeet, dass immigréiert Frae geschloe gi sinn doheem, dass et misst eng Méiglechkeet gi fir deenen als Opfer vu Gewalt en indépendant Residenzrecht an deem Openthaltsland ze ginn, wou déi haislech Gewalt hinne passéiert ass.

En nächste Punkt ass, am Kader vun der Preventioun, d'«Education à l'égalité des sexes et à la non-violence», ça va de soi, géif ee mengen, mais ce qui va sans dire va mieux en le disant.

An e leschte Punkt, an dat mengen ech ass wierklech en essentiellen: «d'élaborer des programmes de formation appropriés pour les auteurs d'actes de violence contre les femmes».

An da kommen ech mat deem Punkt am Fong op e Pabeier, deen d'Femmes en détresse ausgeschafft hunn, an déi genau op deen dote Punkt, op d'Täterbehandlung e groussen Akzent geluecht hunn, deen elo net an dësem Projet de loi respektéiert ginn ass. Zemools wann ech elo kuerz an den Zeitunge gelies hunn, dass en matière de sécurité routière et elo e Pilotprojet gëtt, wou déi Leit, besonnesch déi déi fir d'éischte Kéier ee Problem mat der Circulation routière hunn, a Programmer geschéckt gi wou se konfrontéiert gi mat Victimë vun der Strooss an am Fong esou solle kloer gemaach kréie wéi wichteg et ass, dass jiddferee sech un d'Spillregelen hält, net nëmme fir sengem eegene Plëséier Anhalt ze gebidden, mä virun allem fir déi aner Leit aus der Gesellschaft ze schützen.

En allerlescht Wuert iwwert d'«best practices»: Aner Iddien, déi een iwwert d'Gesetz eraus kënnt envisagéieren, an déi et an anere Länner gëtt, dat ass an der Belsch wou et eng spezifesch Formatioun op d'Violence bei där ganzer Magistratur gëtt, dat heescht beim Parquet a bei de Riichteren. Ech mengen dass dat zu Lëtzebuerg eng gutt Iddi wier. A Finnland gëtt et en neit Gesetz vum leschte Joer, dat e Besuch während engem Joer verbitt, an dat Joer kann eemol verlängert ginn; si sinn awer amgaang eng Evaluatioun ze maache vun dësem Detail fir erauszefannen, ob dat effektiv am Kampf géint d'haislech Gewalt eppes bréngt. A Schwede gi se e Krack méi wäit. Si huelen do de Contrôle électronique fir ze assuréieren, dass en Täter, deen erausgesat ginn ass, sech net méi an déi näher Umgebung vu sengem Opfer ka beginn.

Spezialalarme gëtt et an Norwegen fir d'Victimë vun haislecher Gewalt, an a Spuenien gëtt dem Procureur d'Etat eppes Interessantes, wat net vill Opwand wier, a sengem jährleche Bericht un d'Autoritéiten, anlässlech zum Débat iwwert den Etat de la nation, e speziaalt Kapitel iwwert d'haislech Gewalt gefrot, fir kënnen au fur et à mesure ze analyséiere wéi dat Gesetz, wat si zënter kuerzem hunn, effektiv och an der Praxis ukënnt. An dann an Nordirland, wou d'Gewalt natierlech speziell en Thema ass, gëtt et de Forum de toutes les a.s.b.l., déi sech mat Opferschutz vu Gewalt ofginn, an et schéngt es wéi wann dee Pilotprojet, deen do zënter zwee Joer ouni staatlech Hëllef leeft, soll iwwerholl ginn, well en an

der Praxis bewisen huet, dass dat dat Instrument ass wat et erlaabt, e gutt Gesetz an d'Praxis ëmzesetzen.

Domadder wëll ech ophalen an den Accord vu menger Fraktioun zu dësem, menger Meenung no, extrem wichtege Projet bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Maggy Nagel agedroen. D'Madame Nagel huet d'Wuert.

Mme Maggy Nagel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Gewalt ass skandaléis an inakzeptabel. Si ass ëmsou méi inakzeptabel wa se sech an der Famill ofspillt. Member vun enger Famill ze sinn heescht Recht op Protektioun ze hunn, duerch dës Communautéit, grad esou wéi d'Obligatioun ze sichen, d'Membere vun dëser Communautéit ze protégéieren. D'Virstellung vun där fräier Liewensgestaltung vum Privatberäich huet mat sech bruecht, dass d'Gewalt an der Famill laang Joren en Tabuthema war a leider nach ëmmer dacks ass.

An hirem Rapport huet d'Madame Rapportrice - déi ech fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport félicitéiere wëll - ënnerstrach, dass an deene leschte Joren, zum Gléck, d'Gewalt an der Famill ëmmer manner wéi eng Privataffär, wou déi öffentlech Muecht net ze intervenéieren huet, behandelt gëtt.

De Balzac huet gesot: «La famille sera toujours la base des sociétés.» Wa mer eng gewaltfräi Gesellschaft wëllen, wat ech jo net unzweifelen, kënne mer net akzeptéieren, dass et am Kär vun eiser Gesellschaft, der Famill, dës Gewalt gëtt.

Et besteet also Unanimitéit iwwert d'Nécessitéit, legislativ an aner Schrëtt ze ënnerhuelen. Dëst weisen d'Motiounen, déi hei an der Chamber geholl gi sinn, wéi och de Regierungsprogramm, deen ausdrécklech festhält, dass légiféréiert soll ginn. An zwar an deem Sënn, dass dee Partner, vun deem Gewalt ausgaangen ass, verbuede kritt den Domicile erëm ze betrieden.

Wéi et scho gesot ginn ass, ass sech hei um éisterräichesche Modell inspiréiert ginn. D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei ka mat deem nëmmen d'accord sinn. Et ass an et war nach ëmmer eent vun den Uleies, dass konkret Moossname geholl solle gi fir deene Persounen, Fraen, Männer, awer och Kanner, déi Hëllef an Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen, déi se brauchen. Ech wëll dofir och direkt den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

Ech wéilt weider net op déi legislativ Moossnamen agoen, déi dëse Gesetzestext virgesäit. Dëst ass vun deene Riedner virdrun, an haaptsächlech vun der Madame Rapportrice gemaach ginn.

Am Moment hu mir wuel an eiser Gesetzgebung Moyenë fir d'Affer vun der Violence domestique ze schützen, an am Strofrecht fanne mir Dispositiounen, déi et dem Opfer erméiglechen, säi Péngeger unzesichen an hie veruerteelen ze loossen. Mä leider wësse mir awer och, datt déi meeschten Affer sech net trauen eng Plainte ze maachen. Ech begréissen dëse Gesetzestext ëmsou méi, dass ech an der Orientéierungsdebatt iwwert d'Violence domestique am Joer 2001 eng Motioun déposéiert hat, déi grad dës Gesetzgebung gefuerdert huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi huet seng Berechtigung. Et besteet keen Zweifel iwwert den absoluten Handlungsbedarf. Bei der Virbereedung vum Débat d'orientation am Joer 2001 hate mir d'Geleeënheet, mat verschiddene Lëtzebuerger Organisatiounen an der Kommissioun ze schwätzen, déi sech virun allem ëm d'Frae këmmeren, déi vun hirem Partner mësshandelt goufen. Ech mengen dëse Leit misst ee félicitéiere fir hir alldeeglech Aarbecht, déi si um Terrain maachen, an hinne vill Courage wënsche fir an Zukunft an deem Sënn weider ze fueren.

D'Gewalt am Stot huet net nëmme Répercussioune wat dat mënschlecht Leiden ugeet. De Schwäizer Professer Godenzi, dee sech op dësem traurege Gebitt spezialiséiert huet, huet dem Ausmooss vollen Ausdrock ginn andeems hie gesot huet, dass d'Gewalt an enger Koppel d'Frae méi Liewensjore kascht wéi Kriibserkrankung an Autosaccidenter, wéi meng Virriedner och scho bemierkt huet.

Ech wéilt drun erënneren, dass de Ministère Rechnungen opgestallt huet, déi beleeën, dass dës Gewalt all Joer ongefeier, an ale Lëtzebuerger Frang, 650 Millioune kascht, sief dat duerch d'Interventioun vun der Police, duerch de Fonctionnement vun eiser Justiz, de medizineschen Asaz an esou weider.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt awer Är Opmierksamkeet op de Fait zéien, dass dës Gewalt am Stot net op d'Gewalt géint Frae limitéiert ass. Sécher duerch eng Rei Faiten, kierperlecher Iwwerleeënheet awer och bestoend Mentalitéiten, ginn déi meeschte Fäll vu Violence domestique vu Männer géint Fraen ausgefouert. Mä et däerf ee bei dëser Diskussioun net vergiessen, dass och Kanner a Jugendlecher Opfer vun esou Gewalt sinn, grad wéi och d'Gewalt vu Frae géint Männer, vu Männer géint Männer, vun Erwuessene géint eeler Leit a géint Handicapéierter kann ausgefouert ginn.

Esou huet eng belsch Etüd erginn, dass ongefeier 20% vun de Leit iwwer 65 Joer Opfer goufe vu Violence domestique. Deeselwechte Problem stellt sech och bei eis am Land. Gewalt am Stot ass leider e vaste Sujet a ka verschidden Ausdrocksformen unhuelen. Kierperlech Gewalt, physesch an affektiv Vernoléissegung, forcéierten Isolement, Ofhängegkeet, sexuell Aggressioun, verbal a psychologesch Gewalt, finanziell Exploitatioun, Harcèlement op der Aarbechtsplaz an esouguer Muerd.

Et ass schwéier fir d'Violence domestique ze definéieren, mä si huet ëmmer als Finalitéit, datt een iwwer eng aner Persoun ka Muecht a Kontroll ausüben. A si betrëfft all sozio-ekonomesch Milieuë vun eiser Gesellschaft. Wa mir als Gesellschaft eppes fir d'Affer vun dëser Form vu Gewalt maache wëllen, dierfe mer eis net eleng op d'Frae begrenzen. D'Formatioun duerch verschidden Organismen, d'Sensibilisatioun, de juristesche Rot an d'Protektioun mussen all deenen zegutt kommen, déi ënnert dëser Gewalt ze leiden hunn, egal wat fir eng Form si huele kann.

Här President, ech mengen, et wier och gutt wann d'Statistiken iwwer all Kategorië vun Opfer géifen erfaasst ginn. Zu Lëtzebuerg feelt et eis un Donnéeën iwwert d'Fraen an d'Kanner, déi Opfer vu Gewalt sinn. Ëmsou méi feelt et eis un Donnéeën iwwert déi aner Kategorië vun Opfer, iwwert déi ech virdru scho geschwat hunn. D'Recherchen iwwert d'Ursaache vun dëser Gewalt an d'Programmer fir den Täter ze hëllefe missten och ausgebaut ginn. Déi Erzéiungsprogrammer vun den Affer vun de potentiellen Affer, vun den Täter an de potentiellen Täter mussen deem Rechnung droen, dass d'Violence domestique sech net einfach dorop begrenzt, dass Frae vu Männer geschloe ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch dëst Gesetz maache mir e wichtege Schrëtt. Mir ginn den Affer vun der haislecher Gewalt Mëttele fir Hëllef ze kréien. Mir maachen awer och e wichtege Schrëtt fir dass et zu enger Änderung vun de Mentalitéite kënnt, dass d'Bewosstsäin kënnt, dass d'Gewalt an engem Stot kee Randproblem ass, dass et net dem Affer seng Schold ass, dass et geschloen a mësshandelt ginn ass. Mir brauchen e Mentalitéitswiessel. Dëst erreeche mer nëmme wa mir op ville Plazen aktiv sinn, virun allem an der Educatioun, doheem, an der Schoul, an alle Beräicher, déi ernimmt gi sinn. An enger Gesellschaft wou jidderee fir dat wat e kann Unerkennung an Ënnerstëtzung fënnt, a fir dat wat en ass respektéiert gëtt, däerft d'Gewalt eigentlech keen Thema méi sinn.

Ech soen Iech merci fir Äert Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombera agedroen. Den Här Colombera huet d'Wuert.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänken e grousse Merci un d'Madame Nicklaus fir hire mëndlechen a schréftleche Bericht, dee wéi gewinnt zolidd a substanziell ass, a mir freeën eis ëmmer wann d'Madame Nicklaus Rapportrice genannt gëtt, da si mir och sécher, datt eng gutt Aarbecht geleescht gëtt.

***(Interruptions diverses)***

Mir diskutéieren haut iwwert d'häuslech Gewalt a wa mer eis d'Méi géife maachen, fir generell iwwert d'Entstoe vun der Gewalt, d'Gestioun an d'Léisung vun der Gewalt nozedenken an doriwwer ze debattéieren, da wäre mir nach laang amgaangen.

Ganz vill Leit a Philosophen hu sech mat dësem Problem beschäftegt a jiddereen hat seng eege Konklusiounen. Esou gong et zum Beispill dem Mahatma Ghandi, dee sech mat perséinlechem Engagement géint d'Gewalt ausgeschwat huet. Fir de Marquis de Sade war d'Gewalt guer kee Gespréichsthema. Am Joer 1793 huet en e Buch geschriwwen „Aline et Valcour ou le roman philosophique". Do geet Rieds vun engem Inselstat Tamoé, dee sech doduerch auszeechent, datt op dëser Insel keng Gewalt ass, datt et kee Verbrieche gëtt, aus der einfacher Ursaach eraus, well hei keng eenzeg Dot als Verbriechen oder als Gewalt definéiert gëtt an hei däerf jidderee maache wat e wëllt.

Wa mer eis mam Ying a mam Yang beschäftegen, esou stelle mer fest, datt iwwerall do wou et hell ass, et och e schwaarze Punkt gëtt an iwwerall wou et däischter ass, och en helle Liichtschäin existéiert. Extrapoléiert heescht dat, datt e friddleche Mënsch och e bëssent Gewaltpotential, Gewaltgefiller oder Gewaltgedanke mat sech féiert an datt e gewalttätege Mënsch och plus ou moins Nowéigefiller kann hunn.

An der Nikomachischer Ethik vum Aristoteles liese mir, datt deen Deel vun der Séil, dee vernunftbegabt ass, mat deem aneren Deel vun der Séil, deen net vernunftbegabt ass, zesumme muss liewen.

***(Hilarité)***

Et gëtt nach besser. Lauschtert emol no. Hie seet, datt e Bam zu enger gewëssener Zäit Bléien a Blieder dréit an dass e Bam zu enger Zäit keng Blieder a keng Bléien dréit, mä ofgesi vun der Tatsaach, dass e Bam Blieder oder Bléien oder guer keng Blieder a guer keng Bléien huet, ass e Bam e Bam an et weess kee firwat.

Extrapoléiert heescht dat, egal ob de Mënsch gewalttäteg ass oder net, et weess kee firwat dass de Mënsch de Mënsch ass a firwat dass en esou handelt.

De Stoiker Kleanthes 300 viru Christus seet, dass et tëschent Fridden a Gewalt kee Mëttelwee gëtt. Bei all Handlung kënnt et nëmmen op déi ënnerlech Absicht un.

De Rousseau mengt, datt nëmmen d'Gewëssen de Mënsch zu senger Autarcie, dat heescht zu senger Onofhängegkeet brénge kann, fir de richtege Wee ze fannen.

An zulescht, de Origines vun Alexandrien seet 200 no Christus a sengem Wierk vun der Eschatologie, die Lehre von den letzten Dingen, datt et nëmme besser ka ginn, well am Universum et zu engem kosmeschen Zyklus vun Offall kënnt an datt d'Séil sech vu Liewen zu Liewen an duerch de Wee vun enger neier Inkarnatioun sech vum Béisen, dat heescht vun der Gewalt, befreit, bis endlech dat Béiswëllegt zerstéiert ass, esou datt ee sech net vill Gedanken iwwert d'Gewalt soll maachen.

***(Interruptions diverses)***

Dat hei war d'Introduktioun!

Här President, no dësem Exkurs an d'Philosophie, gesi mer, dass d'Diskussioun iwwert d'Gewalt net esou schnell ad acta geluecht ka ginn, och net wa mer légiféréieren heescht dat, datt mer eis eiser Verantwortung als Politiker mussen entzéien, fir weiderhin an dësem Beräich aktiv ze sinn.

Wat opfalend ass, ass de Fait, dass duerch d'Ännerung vun der Terminologie verschidde Saachen aneschtes ugepaakt ginn. Esou gëtt elo net méi iwwert de Familljesträit geschwat, mä iwwert d'häuslech Gewalt. Et ass ganz genau datselwecht, mä mir gebrauchen zwee verschidde Wierder. Fréier war jiddereen der Meenung, datt ee sech net sollt an e Familljesträit amëschen. Haut ass jiddereen der Meenung, datt een eppes géint d'häuslech Gewalt muss ënnerhuelen.

De Choix vum Wuert, de Choix vun der Terminologie zitt mat sech, datt als Konsequenz dovunner plus ou moins méi staark muss agegraff ginn, mä am Fong huet sech näischt geännert, well de Familljesträit datselwecht duerstellt wéi d'häuslech Gewalt.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Tëschent streiden a schloen ass awer nach e groussen Ënnerscheed, Här Colombera.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Dëse Phenomeen, Här Gira, vun der Terminologie huet eis als Gesetzgeber schonn e puermol sollicitéiert fir ze légiféréieren. Fréier hu mer zum Beispill vu Rivalitéitskämpf geschwat an haut schwätze mer vu Mobbing.

Fréier hu mer vun enger ausser-gewéinlech oséierter Approche geschwat, haut schwätze mir vu sexueller Belästegung oder vun Harcèlement sexuel. Sécherlech wäert d'Missioun déi sinn, datt wann eis gesetzlech Mesuren net gräifen, mir gezwonge wäerte gi fir an 20 Joer d'Terminologie erëm eng Kéier ze änneren, fir nei Mesurë kënnen anzeféieren a wie weess, hoffentlech musse mir net an 20 Joer vun häuslecher Aggressioun oder vu Partnerkrich schwätzen, fir d'Gewalt ze definéieren an anzedämmen.

Dofir ass et ganz wichteg, dass d'Politiker, an Dir Madame Minister sidd do ganz besonnesch gefrot, fir esou wéi Är Regierungskolleegin d'Madame Brasseur dat annoncéiert huet, mat plus ou moins groussem Succès, eng Bildungsoffensiv ze starte mat „back to basics", dat heescht an Ärem Fall fir Äre Ressort iwwersat, eng Familljebildungsoffensiv mat „back to family".

Zréck zu deene Wäerter, déi verhënneren datt d'Gewalt an der Famill Iwwerhand kritt, esou datt mer eis net wéi d'Pompjeeë mam Feier, mat de Symptomer beschäftege mussen, mä mat den Ursaachen.

Här President, d'Regierungserklärung vun 1999 huet festgehalen, datt e Gesetz iwwert d'häuslech Gewalt géif kommen an datt deen, deen d'Gewalt ausübt, aus dem Haus ausgewise gëtt, mat Erhéiung vun de Strofen. Fir op dëse Mëssstand opmierksam ze maachen, huet parallell zum Gesetzesprojet de Ministère eng Campagne géint d'Gewalt géint Fraen a Kanner lancéiert. Domat ass jiddfereen d'accord. Et besteet just ee Problem, eng Nuance, déi hei muss ervirgestrach ginn.

Wann een esou eng Campagne lancéiert, da muss ee versiche fir eng Strategie, eng Methodik ze fannen, fir dëse Projet esou ze verkafen, dass hien net op Widderstand stéisst, mä eng Akzeptanz fënnt, de Message ouni Hürd eriwwer kënnt, an anere Wierder, et muss een eng gewësse Marketingstrategie entwéckelen, dat heescht iwwersat: Jiddferee muss liicht verstoen ëm wat et geet. Et däerf kee moralesch blesséiert ginn, an op kee Fall däerf ee mat der Dier an d'Haus falen, well soss riskéiere mir, dass dës Campagne aus Widderstand kontraproduktiv gëtt.

Et däerf keng Campagne ginn, wou den Haaptmessage draus ervirgeet, dass Männer kollektiv als gewalttäteg an als potenziell Vergewalteger duergestallt ginn. Dat ass e falscht Signal, a meng Kolleegen, den Här Jaerling an den Här Gast Gibéryen, an ech selwer hunn a verschiddene Questions parlementaires op dëse Phenomeen higewisen.

Mir stinn als ADR geschlossen do, fir d'Gewalt géint Fraen a Kanner ze ënnerbannen an aus der Welt ze schafen. Am Respekt, Madame Minister, géigeniwwer Ärer Initiativ, déi gutt gemengt ass, fir géint Fraen- a géint Kannergewalt virzegoen, si mer awer der Meenung, dass een dës Thematik méi professionell, méi diplomatesch, méi taktvoll a méi delikat sollt ugoen.

Ech wëll op dëser Plaz e Passage vun enger Broschür virliesen, déi ech leschte Freideg kritt hunn, eng Broschür, déi vum Service de la condition féminine vun der Gemeng Beetebuerg, der Gemeng Suessem an der Gemeng Esch ausgeschafft gouf, mam Titel: „Femmes et handicaps" - Journée internationale de la femme 2003 – Thema: Jede Frau und jedes Mädchen kann sich wehren.

Et si Passagen, wou dat beschriwwe gëtt, wat ech hei gesot hunn: „Schwarze Männer und Migranten sowie Arme und Arbeitslose werden häufig als Täter dargestellt, so dass Rassismus und Klassenvorurteile gelehrt und aufrecht erhalten werden. Sexistische Gewalt gegen Frauen und Mädchen wird bewusst benutzt, um Rassismus und rassistische Gewalt zu rechtfertigen. Dieses falsche Täterbild und Strategien, die wir für unseren Schutz einsetzen, lassen uns gegenüber den Männern, die uns am häufigsten verletzen und vergewaltigen, nämlich Männer, die wir kennen, zu leichten Opfern werden."

Op enger anerer Säit gëtt gesot: „Die meiste Gewalt ist geplant. Sexistische Gewalt passiert am häufigsten in der Familie, im engen Freundes- und Bekanntenkreis.

Wir sollten uns regelmäßig fragen: „Was kann ich tun, wenn ich jetzt angegriffen werde? Kann ich weglaufen? Welche Richtung ist am sichersten? Habe ich etwas, das ich als Waffe einsetzen könnte?

Männer planen ihre Gewalt gegen uns. Sie suchen sich Frauen aus, von denen sie keinen Widerstand erwarten."

Weider heescht et: „Kämpfe! Wir müssen dem Angreifer deutlich zeigen, dass wir bereit sind, ihn zu verletzen. Dazu zielen wir auf seine schwächsten Körperstellen. Männer haben keine Hemmungen, uns zu verletzen; in einem Kampf um unser Leben sind unsere Hemmungen jemandem weh zu tun, völlig ungeeignet. Wir müssen bereit sein, den Mann zu verletzen und unseren 100%igen Willen einset-

zen, um aus der gefährlichen Situation herauszukommen. Wenn wir unsere Wut und Energie durch Schreien aus dem Bauch herauslassen, verstärken wir unsere Verteidigung. Kämpfe mit Entschlossenheit!“

Här President, wéi ech dat gelies hunn, war déi éischt Fro, déi ech mir gestallt hunn: Si mer hei amgaang e preventive Partnerkrich ze preparéieren?

Ass dat heiten déi reell Situatioun an där mir haut liewen? Sot mir dat. Ass dat heiten déi reell Situatioun, jo oder neen?

Ass dat heiten den Ufank vun enger net méi ze bremsender Geschlechterfeindlechkeet? Do wéilt ech gären eng Äntwert.

Kënnt et esou wäit, dass all Fra, all Kand eng Waff an der Täsch muss hunn, fir sech eventuell wieren ze kënnen?

Musse mir an Zukunft oppassen, fir un een erun ze trieden an deem vläicht Bonjour ze soen?

Här President, mir als ADR si bereet, géint all Form vu Gewalt eis anzesetzen, all Form vu Preventivmoossnamen ze droen, mä méi wäit gi mir awer net.

Mir hëllefen net mat, wa Frae géint Männer ausgespillt ginn an ëmgedréint. Mir setzen eis fir eng Partnersymbios an, déi d'Fundament vun eiser Famill garantéiert an duerstellt. A fir dëst Zil vun der Partnersymbios ze erreechen, setze mir eis verstäerkt an op eng engagéiert Manéier fir Preventivaktiounen an.

All Beruffsgruppen, déi mat dem Problem vun der Gewalt a Berééierung kommen, solle sensibiliséiert ginn, an hei misst haaptsächlech d'Gesondheetswiese mat abezu ginn. Häuslech Gewalt gëtt oft net als solch erkannt, an dat ärztlecht Personal an och d'Fleegepersonal sinn net geschoult fir mat dëser Thematik richteg ëmzegoen. Dem Gesondheetswiese kënnt eng ganz entscheedend Roll bei der Preventioun vun der Gewalt zou. Praktesch all Fra geet eng Kéier an hirem Liewe bei den Dokter, sief et fir en allgemenge Gesondheetsbilan, sief et bei enger Schwangerschaft oder enger Gebuert, oder bei Krankheeten, sief et hir eege Krankheet oder wann d'Kanner krank sinn.

Fraen, déi vu Gewalt betraff sinn, wende sech un den Dokter, fir Verletzungen ze heelen, oder wéinst de chronesche Folge vun der Gewalt. D'Fachpersounen am Gesondheetsberäich si meeschtens déi éischt a munchmol och déi eenzeg Persounen un déi d'Affer vun der Gewalt sech wenden. Si hunn eng grouss Chance, fir preventiv ze wierken a fir deene gewaltbetraffene Persounen Zougank zu Hëllefsangeboter ze vermëttelen.

Weider preventiv Moossname sinn eng Educatioun zu enger konfliktfräier Sträitschlichtung, Strategien entwéckele fir déi eege Perséinlechkeetsstäerkung, gewaltfräi Erzéiung, öffentlech Veranstaltungen zum Thema Gewalt, Afloss op d'Jugendsozialisatioun a Form vun der Vermëttlung vun neie gewaltfräie Männlechkeetsbiller, esou wéi d'Vermëttlung vu gewaltfräie Konfliktléisungsmustere bei deene jonke Kanner schonn, Projeten op kommunaler a lokaler Basis fir eng Breitenwirkung ze erreechen, Programmer fir déi fréizäiteg Erkennung vu Konfliktsituatiounen an defizitäre Liewensbedingunge vu Jugendlechen, Fortbildung, Weiderbildung fir d'Léierpersonal, Stäerkung vum Selbsthëllefspotenzial vun de Familljen, fir esou een aktive Bäitrag zur Preventioun vun der Gewalt an der Erzéiung ze leeschten, eng besser Berodung duerch d'Aféiere vu Qualitéitsstandarde beim Kanner- a Jugendtëlefon, Elterecoursen, gewaltfräi Kommunikatioun förderen, d'Polizei méi op hir nei Tâche virzebereede mat Fortbildungsseminaren. Wéi mir hei gesinn, et brauch een nëmmen erfinderesch ze sinn, fir d'Promotioun vun der Gewaltpreventioun ze förderen.

Wat dat neit Gesetz elo betrëfft, esou menge mir, dass dëst Gesetz dobaussen och bekannt muss ginn. An hei ass et wichteg fir eng Campagne ze lancéieren, dass dat neit Gesetz a Kraaft ass. Mir waren alleguerten erstaunt, wéi déi lescht Woch um RTL Leit interviewt goufen, déi mol keng Ahnung haten, dass d'Fraisë vun hire Virementë géife steigen. Mir gesinn nach ëmmer Leit dobaussen, déi mam Auto fueren a mam Handy telefonéieren. Dofir menge mir, dass d'Leit Bescheed solle wëssen, dass den Täter vun engem häusleche Gewaltakt aus dem Haus gewise ka ginn, och wann hien Eegentümer ass.

Ech wéilt drop hiweisen, dass an der Stad Halle a Sachsenanhalt am Joer 2001 346 Asätz vun der Polizei wéinst klassescher Hausgewalt gezielt goufen. D'Halschent dovu woren Alkoholiker, Leit, déi granatevoll waren, esou dass se net méi wossten op wie se geschloen hunn.

***(Interruption)***

Dat brauch een net ze entschëllegen, dat ass an der Rei. Wann d'Zentral uewen net méi funktionéiert, da mécht ee ganz kuriéis Saachen. Dofir ass et ubruecht, dass d'Informatioun vum neie Gesetz och bis zum leschte Bierger duerchkënnt.

Mir fuerderen eng fachgerecht Ausbildung vun der Polizei, mat Fort- a Weiderbildungsseminaren, well grad d'Polizeiagente mussen e gewëssent Fangerspëtzegefill hunn.

Zum Schluss fuerdere mir eng Evaluatioun, wa méiglech en alljährege Bilan mat engem genaue Suivi, wat mam Affer geschitt ass a wat mat dem Gewalttäter passéiert ass, fir, wann eventuell eppes net géif gutt funktionéieren, nei legislativ Schrëtt kënnen ze ënnerhuelen.

Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung vu menger Partei zu dësem Gesetz. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Ech mengen, dass dëse Projet, dee mer haut virleien hunn, ee vun deene wichtegste Projete vum Fraeministère an dëser Legislaturperiod ass. Et kéint ee vläicht eng kleng Kritik hei ubréngen: Et ass och ee vun deene wéinegen, mä sécherlech awer ee vun de Meilesteng vun dëser Legislaturperiod, an och ee ganz wichtege Bäitrag zur Gesetzgebung, wat d'Gläichheet tëschent de Geschlechter betrëfft.

Et huet eng Zäit gebraucht, mir hunn e laange Wee elo hannert eis, dee Projet hei ass am Mee 2001 déposéiert ginn. Deemools ass nach gemengt gi mir kéinten no Éisträich dann déi Zweet an Europa ginn, fir an déi Richtung ze goen. Mëttlerweil hunn eng Rei vun aneren europäesche Länner scho légiféréiert, trotzdeem mer virun zwee Joer am Fong schonn en Débat haten, wou mer eng grouss Eenegkeet heibanne festgestallt haten, a wou och der Madame Nagel hir Motioun deemools, fir a Richtung vun esou engem Projet ze goen, unanime ugeholl gi war.

Mir hunn awer duerno gemierkt, dass et an de Kulisse ganz vill Oppositioun géif ginn, zum Beispill beim Parquet an der Justiz, zum Beispill och, am Ufank zumindest, bei der Police, där hir nei Roll natierlech och huet missen iwwerluecht an akzeptéiert ginn, an dann awer och ganz staark beim Conseil d'Etat, wou mer net manner wéi 3 Avisë kritt hunn a ganz vill Oppositiounen, wou een d'Fro awer wierklech ka stellen, ob déi Oppositiounen ëmmer esou fundéiert waren, oder ob se vläicht vu subjektiven, fir net ze soe machistesche Motiven hierkoumen.

Also mir hunn dee Projet hei wierklech missen duerch d'Prozedure boxen. Ech stelle fest, dass och hei am Parlament selwer eng Rei vun Oppositioune bestanen hunn. De Projet de loi weist, dass et an eiser Gesetzgebung ganz vill…

Villmools merci, Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Voilà.

***(Brouhaha général)***

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Ech weess net, ob Dir versicht den Image vun de Männer heibannen ze retten.

M. Jean Colombera *(ADR)*.- Dat sinn déi nei Männlechkeetsbiller, wou mer ëmmer beim ADR gesot hu si misste kommen. Gutt, Här Bodry. Merci.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Dee Projet de loi weist, dass et vill Nachholbedarf an eiser Gesetzgebung gëtt. Ee vun deene frappantsten Artikelen, dee mer niewebäi mat dësem Gesetzesprojet ofschafen, ass den Artikel 413 vum Code pénal, wat en absoluten Anachronismus ass, an ech wéilt Iech en net virenthale fir ze weisen, wou mir momentan zu Lëtzebuerg nach dru sinn.

Mir haten en Artikel, dee Folgendes gesot huet: «Le meurtre, les blessures, les coups sont excusables, lorsque le crime ou le délit est commis par l'un des époux sur l'autre époux et son complice à l'instant où il les surprend en flagrant délit d'adultère. » Dir gesitt also, dat doten ass eng Approche, déi wahrscheinlech nach aus dem 19. Jorhonnert staamt. Op alle Fall ass et eng, wou et héich Zäit gëtt, dass mer se ofschafen a wou et am Fong verwonnerlech ass, dass se iwwerhaapt nach an den Texter stoung.

Mir hunn awer och festgestallt, wéi mer eis mat deem Projet befaasst hunn, dass et zu Lëtzebuerg esou ass, dass d'Vergewaltegung am Bestietnis weiderhin net méi staark bestrooft gëtt wéi ausserhalb, wou ee sech och ka Froen driwwer stellen. A, wéi gesot, mir hu gemierkt, dass et keng spezifesch Gesetzestexter zur Violence domestique bis elo géif ginn. Dofir ass dat heiten also e ganz wichtege Projet.

D'Zil dovunner ass net nëmmen, wat jo schonn eleng wichteg ass, de Schutz vun den Opfer, mä och eng ganz kloer gesellschaftlech Oflehnung vun der Gewalt. Gewalt an der Famill gëtt net akzeptéiert! Dat ass wichteg fir den Täter, well hie muss seng Verantwortung huele fir seng Doten. Mä et ass awer och wichteg fir Police a Justiz, an et ass wichteg fir d'Gesellschaft. An der däitscher Terminologie gëtt do vun Normverdeutlichung geschwat. Ech mengen, dass dat och e ganz wesentlechen Aspekt vun deem Text hei ass.

D'Schwéierpunkter dovunner si scho genannt ginn. Een Haaptvolet ass d'Wegweisung, wou mer leider och eng Rei vu Konzessiounen hu missen un de Statsrot maachen. Et ass schonn dovunner geschwat ginn, dass mer d'Durée vun der Wegweisung hu misse reduzéieren. Ech wéilt drop hiweisen, dass Éisträich, also dat Land wat fir d'éischt esou e Gesetz ausgeschafft huet, am Ufank zweemol siwen Deeg virgesinn hat, an dass si awer 1999 schonn eng Reform vun hirem Gesetz gemaach hunn, wou se dunn op de Wee gaange si fir déi Zuel vun den Deeg op zweemol zéng Deeg an d'Luucht ze setzen, well se selwer gesinn hunn, dass déi Zäitspan ze kuerz war. Et muss een also soen, dass et gutt ass, dass mer net nach weider erofgaange sinn, mä menger Meenung no wär et besser gewiescht, wa mer bei eise 14 Deeg, déi mir am Ufank emol haten, bliwwe wären.

Et muss och an Éisträich elo kontrolléiert ginn, ob dat Verbot agehale gëtt. Dat schéngt mer och e wichtege Punkt ze sinn. Do muss d'Police mindestens eemol an den éischten dräi Deeg zréck op d'Plaz kucke goen. Ech denken, dass dat och vläicht en interessante Wee wär, iwwert deen ee sollt nodenken.

D'Police ass iwwerhaapt en zentralen Acteur an deem neie Gesetz a si muss ganz kloer ëmdenken, wat hir Aktiounen an deem Beräich betrëfft. Et geet net méi ëm d'Schlichten, mä et geet drëms fir d'Opfer aus der Situatioun eraus ze kréien. Si muss natierlech och vill méi staark mat de Services d'assistance zesummeschaffen. D'Roll vun de Services d'assistance gëtt also och hei wesentlech gestäerkt an ausgebaut.

Am Ënnerscheed zu dem éisträichesche Modell sinn hei awer keng Interventiounszentren nei geschafe ginn, mä et gëtt zréckgegraff op déi existent Servicer, déi vun den ONGen ugebuede ginn an déi mat an dee Schutzprogramm agebonne ginn. Si sollen och geziilt vun der Police a Kontakt mam Opfer bruecht ginn, an donieft awer och, an dat ass ganz wichteg, kënne Partie civile ergräifen. Dat ass sécherlech e ganz wichtegen Aspekt vun deem Projet.

D'Madame Err hat virdru schonn d'Fro opgeworf, ob deen heiten Aspekt genuch geregelt wär. Ech hunn d'Gefill, dass eis Texter do relativ vague sinn am Moment, an dass mer wahrscheinlech nach eng Kéier mussen drop zréckkommen, fir do méi Klorheet ze schafen. Op alle Fall gesäit een och do, dass am éisträicheschen Text déi Saach méi staark geregelt ass.

***(M. Paul-Henri Meyers prend la Présidence)***

An do kommen ech och schonn op dee Punkt vun der Zesummenaarbecht an deem Comité de coopération vun deene Professionellen, déi hei all zesumme géint d'Violence domestique schaffen. Och hei huet een d'Gefill, dass mer net ganz vill Upaken hätte wéi dee Comité soll fonctionnéieren. Am Gesetzestext steet, dass e Règlement grand-ducal dat soll am Detail regelen. Do kann ee sech natierlech d'Fro stellen: Wéi gesäit dee Règlement grand-ducal dann aus? Geet et duer, wa mer dat an d'Zukunft verleeën, oder hätte mer eis net schonn éischter misse mat deenen dote Froen ausenaner setzen?

Zwee aner wichteg Punkten op déi ech elo net méi weider aginn sinn d'Circonstances aggravantes an och d'Tentative vun de Coups et blessures, wou mer elo eng aner Form, och op Drock vum Conseil d'Etat, hu misse wielen, mä déi awer am Text bestoe bliwwen ass.

Dann e Punkt, dee mir ganz wichteg schéngt, dat ass dee vun de Statistiken, wou virgesinn ass, dass deen neie Comité, deen do geschafe gëtt, se och soll auswäerten a Konklusiounen draus zéien. Par rapport zu deene Statistiken, also wou et jo drëms geet, wéi vill Fäll dass virkomm si vu Wegweisungen, respektiv wéi vill Frae sech bei der Police gemellt hunn an esou virun, stellen ech mir awer d'Fro, ob déi och veröffentlecht ginn, natierlech net de Leit hir Nimm, mä einfach nëmmen d'Zuelen, fir dass net nëmmen dee Comité Bescheed weess, mä dass mir als Öffentlechkeet an als Parlament och kënne gesi wéi d'Evolutiounen do sinn. Bis elo, dat musse mer jiddefalls feststellen, gëtt et och an deem Beräich ganz wéineg Zuelematerial. Ech konnt just erausfannen, dass mer am Joer 2000 méi wéi 1.000 Fraen haten, déi sech u Berodungsstelle gewannt hunn, an dass mer am Joer 2001 méi wéi 800 Fraen a Fraenhaiser haten.

Här President, ech hunn dofir och emol nach eng Motioun preparéiert. Ech hu mer zwar elo mëttlerweil d'Fro gestallt, ob et iwwerhaapt nach e Sënn huet heibanne Motiounen anzereechen, vu dass den Här Weiler jo virdru quasi en Embargo verhaangen huet.

***(Interruption)***

Ech kréien elo gesot, dee wär net méi hei, mä trotzdeem hat ech d'Gefill, dass vun elo bis bei d'Wahlen et vläicht net méi vill Sënn hätt, fir hei nach mat Motiounen ze kommen. Ech versiche mäi Gléck dann awer.

Wéi gesot ech hunn déi Motioun preparéiert - ech ginn Iech se och, Här President -, déi haaptsächlech dann op dee Comité de coopération ageet. Si freet éischtens, dass mir als Parlament kënnen dee Projet de règlement grand-ducal, dee jo dann iergendwann eng Kéier muss ausgeschafft ginn, als Egalitéitskommissioun och presentéiert kréien, fir datt mer e bëssen och gesinn a wéi eng Richtung datt et soll goen.

Ee wichtege Punkt dass déi Acteuren an Actricen, déi an deem Comité do vereent wäerte ginn, dass déi op hir nei Tâchë preparéiert ginn, datt se och eng Formatioun kréien, fir dass dat ka gutt fonctionnéieren. An d'Fro déi ech mer och gestallt hunn, an dat ass dann och eng vun deene Fuerderungen déi hei erëm kënnt, ass ob dann net misst awer fir dee Comité do eventuell e Service administratif kreéiert ginn, well ech froe mech ob et esou evident ass, datt all déi Leit, déi hei an deem Beräich schaffen, dann nach niewelaanscht e Comité de coopération fonctionnéiere loossen.

Da froe mer och datt déi Statistiken, déi elo opgestallt ginn, a vun deene wéi gesot dee Comité soll Konklusiounen zéien, all Joer solle veröffentlecht ginn, an dat schéngt mer och e wesentleche Punkt ze sinn, iwwert dee mer net ganz vill geschwat hunn, dass doriwwer nogeduecht gëtt, wat dat neit Gesetz un neie Ressourcen un Aarbechtskräften néideg mécht, fir datt et iwwerhaapt kann applizéiert ginn an dass mer am Budget Posten dofir virgesinn. Well wa mer dat net maachen, an ech kommen herno nach op dat Thema zréck, da fäerten ech wäerte mer den Demanden, déi un eis gestallt ginn an déi duerch dat neit Gesetz da vläicht net kreéiert ginn, mä méi däitlech ginn, net kënne gerecht ginn.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que la nouvelle loi sur la violence domestique repose sur l'existence de ressources humaines disponibles dans les différents secteurs chargés de son exécution;*
- *considérant qu'elle prévoit la création d'un „comité de coopération entre professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence“;*
- *considérant que l'existence et le bon fonctionnement de ce comité sont essentiels pour l'efficacité de ladite loi;*
- *considérant que la loi prévoit également l'établissement annuel de statistiques sur la violence domestique;*

*invite le Gouvernement*

- *à élaborer dans les meilleurs délais un projet de règlement grand-ducal sur la composition, l'organisation et le mode de fonctionnement de ce comité et à le présenter à la commission parlementaire pour l'égalité des chances entre femmes et hommes;*
- *à assurer une préparation et une formation adéquate des acteurs et actrices réuni-e-s dans le „comité de coopération entre professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence“ à leurs nouvelles tâches;*

- *à mettre en place des structures de fonctionnement efficaces de ce comité, le cas échéant soutenu par un service administratif à créer;*
- *à publier désormais annuellement les statistiques afférentes ainsi les conclusions qu'en tire le „comité de coopération" chargé par la loi de les étudier;*
- *à prévoir dans les budgets de l'Etat qui s'annoncent l'augmentation du nombre des postes prévus pour la lutte contre la violence domestique, aussi bien auprès des forces de l'ordre qu'auprès des services d'assistance agréée.*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Ech wollt kuerz nach eng Kéier op dat éisträichescht Gesetz zréckkommen an do och kucken, wéi dee Bilan ausgesäit, dee si awer no enger Rei vu Joren elo scho kënnen zéien, an do géif ech Iech bieden op Äre Schierm ze kucken, wann Der wëllt.

Här President, ech hunn d'Gefill ech misst hei ganz haart jäizen, Vläicht geet dat och aneschters, wann Der eng Kéier Är Schell betätegt.

Ech wollt Iech bieden op Äre Schierm ze kucken. Do hutt der nämlech Statistiken, dat ass en Dokument dat heescht 03/07/vioWien, oder esou eppes an där Kategorie. An do gesitt Der e bësse wat fir eng Evolutiounen datt et haaptsächlech zu Wien an deem Interventiounszentrum gi sinn, nodeems datt dat Gesetz hei agefouert ginn ass. Vläicht just kuerz och eng Klammer, dass dat Gesetz ganz vill vum politesche Wëllen ofhänkt. Dat huet sech och an Éisträich gewisen. Dat Gesetz ass nämlech do ganz kuerz virun der Wende gestëmmt ginn, déi leider an Éisträich komm ass, där Wende no riets, an doropshin ass déi Problematik vum Personalmangel an deenen Interventiounszentren och ganz akut ginn.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Elo vläicht zu deene Statistiken déi Der do gesitt. Do gesitt Der op där éischter den Ustieg vun deene Fäll, déi vun der Police un déi Wiener Interventiounsstell gemellt gi sinn, an et ass jo esou gewiescht dass d'Gesetz an Éisträich - ech menge '97 oder '98 - agefouert ginn ass an do gesitt Der déi explosiounsaarteg Evolutioun vun de Meldunge vun '98 bis 2002. Et kann een also d'Fro stellen, ob dat Gesetz Opfer vu sengem Succès ginn ass, well jiddefalls déi Leit aus där Interventiounsstell do, déi bekloe sech ganz batter, datt se am Fong de Leit guer net kéinten hëllefen, well se guer net d'Personal hätte fir deenen Demanden ze begéinen.

Et sinn also wéi gesot am Joer 2002 1.500 Meldunge gewiescht, ech bezéie mech an deene Statistiken, déi duerno kommen, awer op 2001. Do hate mer 1.086 Meldunge manner bei der Wiener Police also, an dovun 1.045 Wegweisungen, wat jo awer e ganz groussen Undeel dann ass.

Et gëtt dann och an deem Rapport gesot, aus deem ech déi Zuelen hei erausgeholl hunn, dass d'Wegweisung ganz oft widderholl gëtt. Datt et net bei enger Kéier bleift, mä dass et oft zwee- bis esouguer fënnefmol zu esou Wegweisunge vun ëmmer deemselwechten Täter kënnt. Dat weist zwar, dass et ëmmer erëm eng Réckfallsituatioun och gëtt, mä op där anerer Säit weist et awer och, an dat ass positiv, dass d'Opfer am Fong ëmmer méi op dat neit Instrument zréckgräifen, datt se ëmmer manner Hemmungen hu fir bei d'Police ze goen an hir Situatioun ze mellen an dann och eng Wegweisung an d'Weeër ze leeden, datt se also och an där ganz konkreter an akuter Situatioun op dat neit Instrument do zréckgräifen.

Dann hutt der op deene Säiten, déi duerno kommen, fir d'éischt eng Statistik iwwert d'Geschlecht vun den Opfer a vun den Täter. Dat schéngt mer insofern interessant, well mer jo och heibannen ëmmer erëm déi Diskussioun hunn: Ass d'Gewalt männlech oder ass et en allgemenge Phenomeen? Vu wiem geet se aus? Wien erleit se? Ech mengen, dass dat ganz interessant Zuelematerial ass, wann ee sech dat ukuckt. Wann een zum Beispill elo d'Opfer kuckt, do gesäit een dass an där doter Interventiounsstell de Prozentsaz vun den Opfer 92,2% Frae waren a 4,2% Männer. Wann een dann ëmgedréint d'Geschlecht vun den Täter kuckt, dann ass d'Situatioun wierklech genau spigelverkéiert, da gesäit een datt et 95% Männer sinn an 4% Fraen.

Dat heescht also, datt een net ka soen, datt d'Gewalt ausschliesslech ee Phenomeen vu Männer wär, mä op där anerer Säit gesäit een awer och déi ganz däitlech Tendenzen, dass et ee Problem haaptsächlech vu Männer ass. Dat ka sech menger Meenung no änneren. Mir stellen zum Beispill fest, och zu Lëtzebuerg, datt ëmmer méi jonk Meedercher och extrem aggressiv a gewalttäteg kënne ginn. Dat huet also duerchaus eppes mat soziale Situatiounen, respektiv mat ugeléiertem Verhalen ze dinn, wat sech och duerch gesellschaftlech Veränneruнge ka mat veränneren. Mä sécherlech, an dat soll een net ewech rieden oder ignoréieren, ass d'Gewalt awer an eiser heiteger Gesellschaft ëmmer nach e Problem, deen haaptsächlech vu Männer ausgeet.

Dann déi nächst Statistik. Do geet et ëm d'Verhältnis tëschent Täter an Opfer. Dat weist eigentlech nach eng Kéier e bëssen déi ähnlech Situatioun, mä et geet nach méi an den Detail. Do gesi mer zum Beispill dass bei de Fraen, wann d'Fraen Opfer sinn, et haaptsächlech hir Männer oder hir Liewenspartner sinn déi schloen. Wa se vu Frae geschloe ginn, da sinn dat haaptsächlech Duechteren, Mammen oder Leit aus hirer Bekanntschaft. Wa Männer Opfer sinn, wat vill méi eng niddreg Zuel natierlech ass, da sinn et haaptsächlech och erëm eng Kéier hir Fraen oder hir Liewenspartnerinnen déi schloen, et kënnen awer och Männer sinn déi se schloen, an dat sinn dann zum Beispill Pappen, Bridder an esou virun.

Dir gesitt also hei vill méi een differenzéiert Bild, wéi dat wat mer eis vläicht heiansdo iwwert d'Situatioun vun der Gewalt maachen, an ech huelen un datt wa mer zu Lëtzebuerg eng Kéier esou Zuelen da presentéiert kréien, datt se relativ ähnlech ausgesi wäerte wéi déi heiten.

Här President, domat wéilt ech déi Klammer zoumaachen an d'Fro opwerfen, ob all Problemer mat deem Gesetz hei am Beräich vun der häuslecher Gewalt geléist sinn. Dat sécherlech net. Wat een nämlech och feststellt, dat ass datt deen zentrale Punkt vun dësem Gesetz, nämlech d'Zesummenaarbecht tëschent verschiddenen Acteuren, och kann d'Schwaachstell vum Projet sinn. An Éisträich ass zum Beispill festgestallt ginn, dass d'Informatiounen iwwert d'Plainten net un déi Interventiounszentre virugeleet gi si vun der Police, dowéinst konnt dann och näischt Wichteges ënnerholl ginn. Oder dass d'Dauer, bis et zur Behandlung vun der Plainte duerch de Parquet komm ass, extrem laang war, eppes wat mer zu Lëtzebuerg jo och elo scho leider mussen öfters erliewen.

Dofir sinn och do schonn eng Rei vu Fuerderungen opgestallt ginn, wou mir eis als Lëtzebuerg vläicht kënnen direkt och domat befaassen an aus anere Leit hire Feeler léieren. Speziell Zoustännegkeete si gefuerdert gi bei Parquet a Police, speziell Schoulungen och an dann och dem Parquet an de Geriichter kloer maachen, datt Wegweisung keen Ersatz ass fir Haft, mä datt et a besonnesch schwéiere Fäll ëmmer och nach muss dozou kommen, dass Leit adequat bestrooft ginn.

Kontroll iwwer eventuell Récidiven, an do kënnt dann dat mat eran, wou d'Madame Err scho virdru bedauert huet, dass mer an Hinsicht vu Sammele vun Daten iwwert déi Täter relativ ageschränkt awer elo sinn an dass et zum Beispill och bei eis kënnt zu deem Phenomeen kommen, deen an Éisträich agetratt ass, datt ebe bei Récidiven net schnell genuch konnt gehandelt ginn, well net schnell genuch konnt op déi Dokumentatiounen oder Daten zréckgegraff ginn, datt Leit sech schonn eng Kéier eppes zu Scholde komme gelooss haten.

De schnellen Informatiounsfloss also tëschent den Acteuren, besonnesch bei Récidivisten, schéngt mer ganz wichteg ze sinn, an dann och, dass déi Kommunikatioun tëschent dem Service d'assistance an der Police muss ganz gutt fonctionnéieren.

Ee Punkt, deen och muss ënnerstrach ginn, d'Interventioun vun der Police muss ëmmer dokumentéiert ginn. Och wann et zu enger Schlichtung kënnt tëschent de Leit wou d'Gewalt entstanen ass, oder wa Plainten am Nachhinein zréckgezu ginn, dann ass et wichteg, dass dat awer notéiert gëtt fir am Fall wou et zu enger Récidive kënnt, datt een da kann novollzéie wat dat fir eng Situatioun ass, an dass nach eng Kéier méi spezifesch op de Problem vun deenen Täter higewise gëtt, déi nach no enger Trennung oder Scheedung gewalttäteg a geféierlech ginn. Och hei si wahrscheinlech speziell Mesurë gefuerdert.

Datt de System awer u sech fonctionnéiert, dat weisen och aner Plazen, wou schonn d'Gesetz applizéiert ginn ass, respektiv Modellversich stattfonnt hunn, wéi zum Beispill a Baden-Württemberg. Do woren an engem Joer 803 Wegweisunge geschwat ginn an nëmmen 3,7% vun de Männer hunn net gefollegt op déi Wegweisung. Dat schéngt mer och e ganz wichtege Punkt ze sinn, dass déi Wegweisung schonn eng gesellschaftlech Ächtung ausdréckt an eng Strof fir Männer, déi méi grave ass, wéi wann hir Frae fortginn an an d'Fraenhaus ginn. Wa si selwer vun der Police erausgesat ginn, dann ass dat eppes wat se relativ eescht schéngen ze huelen.

Trotzdeem muss een natierlech festhalen, dass dat hei net wäert dozou féieren, dass d'Fraenhaiser, déi mer am Moment zu Lëtzebuerg hunn, wäerte kënnen zougemaach ginn. Et wäert leider ëmmer nach esou bleiwen, dass do weiderhi Fraen Zouflucht sichen. Et ass net an alle Fäll, wou et ugesot a méiglech ass, datt ee mat Wegweisunge kann de Problem léisen.

Ech kéim da vläicht nach op e puer Mankoë vum Lëtzebuerger Projet ze schwätzen an ech wëllt drop hiweisen, dass am Joer 2001, wéi mer deen Débat hei haten zum Fraendag, eng Hellewull vu Motioune gestëmmt gi sinn, haaptsächlech vun der Majoritéit, well déi vun der Oppositioun sinn ofgelehnt ginn, wéi haut och,…

***(Interruption)***

…an do ass zum Beispill eng Motioun gewiescht, d'Motioun 2, wou gesot ginn ass, et sollt een eppes am Beräich vun der Täterbehandlung maachen. Ech liesen hei: „étudier les méthodes de traitement des auteurs de violence conjugale et transposer les meilleurs pratiques au Luxembourg".

Ech stelle fest, dass mer an dësem Gesetz net vill, oder guer net iwwert d'Täterbehandlung schwätzen. D'Täterbehandlung ass och en däregen Thema. Et ginn eng Rei vu Feministinnen, déi fannen dat wär, wann net iwwerflësseg, dann dach awer eng Niewesaach. Ech denken, dass dat eng falsch Approche ass. Ech mengen, datt et e Bestanddeel vun engem Gesamtkonzept misst sinn an dass et zesumme mat der Preventiounsaarbecht déi eenzeg Méiglechkeet eigentlech ass fir de Problem un der Wuerzel ze paken. Well alles wat mer um Niveau Wegweisung oder Schafung vu Fraenhaiser maachen ass eigentlech awer nach End-of-pipe-Politik, déi mer bedreiwen. A wann ee wierklech wëllt de gesellschaftleche Problem an de Grëff kréien, da muss een och bei den Täter usetzen.

Et ass schonn hei gesot ginn, dass eng Rei vun Täter selwer als Kand mësshandelt gi sinn, oder awer an hirer Famill geléiert hu wéi Konflikter mat Gewalt geregelt goufen, wou et also quasi eng Traditioun war ze schloen, respektiv gewalttäteg ze sinn. Dofir menge mer, datt et och misst Ulafstellen zu Lëtzebuerg ginn, wou Männer, déi bei sech selwer gewaltvollt Verhale feststellen, sech kënnen hiwenden, wou se och kënnen Technike léieren, fir mat physesche Stresssituatioune gewaltfräi ëmzegoen.

Natierlech däerf déi Täterbehandlung net op d'Käschte vum Opferschutz goen. An ech soen dat ganz däitlech. A wann ech vu Käschte schwätzen, da mengen ech dat och um budgetären Niveau. Et kann net esou sinn, dass Gelder fir Täterbehandlung ewech geholl ginn, wou et ëm den Opferschutz par rapport zu de Frae geet. Et muss ganz kloer sinn, dass do nei Geldressourcë geschafe ginn, déi dobäi kommen. Soss hu mer natierlech näischt geschafft, an et ass net ëmsoss wou och am Ausland de Motto vun deenen Täterbehandlungsstellen deen ass: All Schrëtt an der Täteraarbecht muss dem Opferschutz notzen.

An Éisträich hu se dat och esou gesinn, an dofir hu se zënter 1999 do e Programm lafen, wou esouwuel Eenzelgespréicher fir d'éischt mat den Täter gefouert ginn, wou déi iwwerhaapt emol solle realiséieren, datt se e Problem hunn, datt se eng Verantwortung ze huelen hunn a wou dann och Gruppegespréicher gefouert ginn a wou Krisenintervention ugebuede ginn. Wat interessant ass, ass, datt deen Antigewalttraining och ka vum Geriicht verhaange ginn. Et ass jo och erëm d'Fro opkomm, ob et e Sënn mécht d'Leit ze forcéiere fir esou Behandlungen ze maachen, ob dat dann iergendwéi eppes bei hinne verännert. Et ass awer festgestallt ginn an deene Programmer, déi bis elo gelaf sinn, dass dat duerchaus Sënn mécht, dass d'Täter oft grad am Ufank net d'Motivatioun hu fir an de Programm eranzegoen, respektiv datt se just matmaachen, well se mengen domat kënnte si hir Relatioun retten a wann et da ganz kloer gëtt, datt hir Fra net méi wëllt bei se zréck, da brieche se dee Programm of. Trotzdeem, wa se méi laang dobäi sinn a wa méi intensiv mat hinne geschafft gëtt, dann ass et awer esou, wa se zu engem Ofschloss vun deem Programm kommen, dass et relativ grouss Chancë gëtt, fir datt se net méi réckfälleg ginn.

Wéi gesot, doriwwer fanne mer näischt am Projet de loi. Och zum Thema Preventioun fanne mer näischt an och do hunn ech Iech nach eppes Klenges op de Moniteur gesat. Wann Der ganz um Schluss kuckt vun Ärer Lëscht, och bei Info, da fannt Der en Dokument dat heescht Helmer. Vläicht kënnt der Iech dat emol och opmaachen. Et ass virdru gesot ginn, dass et wichteg wär, dass wann dat Gesetz a Kraaft trëtt, dass dann eng nei Campagne géif gemaach gi fir d'Leit drop opmierksam ze maachen. Ech fannen dat selbstverständlech och. Wat mir awer wichteg schéngt a wat een och bei deem heite Beispill gutt gesäit, dat ass, dass et wichteg ass, datt Männer zu deem Thema Positioun bezéien. An hei gesitt Der en däitsche Footballspiller. Ech hunn en net kannt, en heescht Thomas Helmer, vläicht seet dat anere Leit eppes heibannen.

***(Interruptions diverses)***

Deen Här huet sech un enger Campagne bedeelegt, wou eben och Männer sech ganz kloer géint Männergewalt ausgeschwat hunn. Dat schéngt mer e ganz wichtege Punkt ze sinn an dat géif vläicht och hëllefen, fir dass déi Polarisëierung, déi ëmmer erëm geschitt an déi mer och an deem Parlament hei ëmmer erëm kënne feststellen, wann et ëm dat Thema geet, kënnt ofgebaut ginn.

E kuerzt Wuert just nach zum ronnen Dësch, deen et och an Éisträich a Form vun engem Präventionsbeirat gëtt. Mir hunn zwar dee Comité de coopération, mä dat ass éischter en Aarbechtscomité. Ech hätt et wichteg fonnt, wa vläicht och e bësse méi en öffentleche Begleetgremium dobäi gewiescht wier, dee méi allgemeng iwwer nei Usätz an der Gewaltpreventioun, grad och an deem heite Beräich, hätt kënne schaffen an déi Gesetzgebung an hir Applikatioun kënne begleeden.

Här President, ech iwwersprangen hei e bëssen, well ech gesinn datt meng Zäit fortleeft. Ech hunn awer allerdéngs jo och eng Motioun. Dofir hunn ech dann nach e puer Minutte méi.

E lescht Thema, dat ech wëllt uschwätzen, ass dat vun de Kanner. D'Gewalt u Frae betrëfft ëmmer och d'Kanner, direkt oder indirekt, an nach ëmmer gëtt deen Zesummenhank tëschent Fraemëssshandlung a Kannermëssshandlung ze mann berücksichtegt. D'Kanner sinn awer ëmmer gefährdet. Och wann de Papp nëmme Gewalt géint d'Mamm ausübt leide Kanner jorelaang ënnert deene Situatiounen, a si sinn och selwer der Gewalt schutzlos ausgeliwwert.

Dofir schéngt et mer och, wéi wann déi Motioun, déi mer 2001 - nach eng - gestëmmt haten, och vun der Majoritéit, eigentlech immens wichteg gewiescht wär. Hei sinn zum Beispill Fuerderungen un d'Regierung gewiescht wéi Cours de formation fir Enseignanten, fir datt se besser d'Maltraitance kënnte bei de Kanner erkennen, Formatioune fir d'Medeziner, Formatioune fir d'Police, Formatioune fir d'Magistraten. Eng ganz Rei Iddien also déi duerchaus interessant sinn. Déi heite Motioun ass zwee Joer al an et wär ganz interessant ze héieren, wat aus deene Fuerderungen do ginn ass.

Ech kéim zu menger Konklusioun, Här President. Dat Gesetz hei ass e wichtege Meilesteen an eiser Gesetzgebung. Ech si frou, dass mer dee Projet zum Ofschloss konnte bréngen, och wa leider eng Rei vu wichtege Punkte vum Conseil d'Etat ofgeschwächt oder gestrach goufen, wat an der Praxis wäert zu Schwieregkeeten, menger Meenung no, féieren.

Leider hu mer an enger Rei vu Beräicher net légiféréiert, déi och dermat zesummenhänken. Wichteg ass awer virun allem, dass dat Gesetz kann applizéiert ginn an dofir brauche mer onbedéngt neit Personal, net nëmme bei der Police, mä och bei de Services d'assistance; ouni dat kann dat Gesetz hei net fonctionnéieren.

Ech wënsche mer, Dir Dammen an Dir Hären, dass dëst Gesetz méi erreecht wéi déi vill technesch Regelen a Gesetzer, déi mer oft hei stëmmen, an datt et an de Käpp vun de Leit eppes verännert. Ech wënsche mer, och wann dat vläicht naiv kléngt, dass et hëlleft d'Gewalt als Konfliktléisungsmëttel zum Anachronismus ze maachen.

Ech soen Iech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst ass den Tour un der Familljeministesch, der Madame Marie-Josée

Jacobs. Madame Jacobs, Dir hutt d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech géing fir unzefänke wëllen der Madame Ferny Nicklaus-Faber merci soe fir hiren excellente Rapport, mä och als Presidentin vun der Chancëgläichheetskommissioun, an och allen Dammen an Hären, déi an där Kommissioun dra sinn, well ouni hir wäertvoll Mataarbecht wiere mer ganz bestëmmt haut net hei fir dat Gesetz ze diskutéieren. A wann ech et gutt verstanen hunn, schéngen all d'Fraktiounen et wëllen ze stëmmen. Et ass esou villes hei gesot ginn, datt, fir kengem méi den Owend nach hei Gewalt un ze dinn, ech ganz kuerz ka sinn an net erëm alles widderhuelen, wat gesot gouf.

Ech wëll just soen, datt dëse Projet generell d'Gewalt an der Famill betrëfft, dat heescht, d'Gewalt vun engem op deen anere Partner oder Partnerin, ob d'Koppel bestuet ass oder ob si et net ass, vun den Elteren a Grousselteren op d'Kanner a vun de Kanner géint d'Elteren an d'Grousselteren. Ech wëll dat soen, well ëmmer erëm gesot gëtt: Dir schwätzt nëmme vun de Fraen an net vun de Männer. Neen, och Männer erliewe Gewalt a fale selbstverständlech ënnert dëst Gesetz.

E wichtege Message ass ouni Zweifel, datt d'Gewalt an der Famill keen Tabuthema méi ass, a wann an der Privatsphär, esouguer am Numm vun der Léift, maltraitéiert, geschloen an abuséiert gëtt, datt dat da jiddferee vun eis alleguerten eppes ugeet. D'Fraen an d'Kanner, well dat sinn déi, déi am meeschte vun der häuslecher Gewalt betraff sinn, déi kënnen elo an de véier Wänn geschützt ginn. Wéi gesot, zielt dat selbstverständlech och fir d'Männer.

Mir wëlle mat dësem Gesetzesprojet och e Mentalitéitswiessel bewierken an domadder weisen, datt Gewalt doheem keng Privatugeleeënheet méi ass.

1980 ass zu Lëtzebuerg dat éischt Fraenhaus opgemaach ginn an zënterhier konnte Fraen a Kanner, déi Affer vu Gewalt waren, Schutz do fannen. Den Täter konnt am Logement bleiwen a säi gewalttätegt Verhalen hat fir hien dacks keng Konsequenzen. D'Affer ginn nach eng Kéier gestrooft. Si mussen aus hirem sozialen Ëmfeld. D'Kanner verléieren de Kontakt mat hire Frënn a mussen d'Schoul wiesselen. Nom 1. Juli vun dësem Joer waren 98 Fraen an 84 Kanner an de Fraenhaiser, an dovun haten 81 Frae Gewalt erlieft.

Tëschent 2000 an 2002 sinn an eisem Land am Beräich vum Kapitalverbriechen néng Affäre geschitt, an dovu fënnef wéinst häuslecher Gewalt. Eelef Leit sinn un de Suitë vun dëser häuslecher Gewalt gestuerwen, fënnef Fraen a sechs Kanner. Sechs Kanner!

Ënnert deenen néng Täter war eng Fra, déi hire Puppelchen ëmbruecht hat. Ënnert den Affer war och ee Mann, deen zwar fir d'éischt seng zwee Kanner a seng Fra ëmbruecht hat, an du sech selwer.

Ech denken, datt dës Zuelen eigentlech eng kloer Sprooch schwätze fir all déi, déi mengen, mir bräichten eigentlech näischt ze maachen.

Mir hunn eis ganz staark inspiréiert un deem éisträichesche Gesetz, fir och domadder ze soen, datt dat hei net nëmmen eng verréckten Iddi vun enger hallwer Dose Fraen zu Lëtzebuerg ass, mä well mer gesinn hunn, datt dee Phenomeen och am Ausland als eppes ugesi gëtt, wat net alldeeglech ass a wat een net nëmmen als eng Privataffär kann hinhuelen.

Mir hunn och éischt Erfahrungswäerter aus Éisträich. Allerdings gëtt et verschidden Zuelen. Dat hängt sécher dovun of, wéi ee Rapport ee kuckt. 1998 gouf an Éisträich 1.449-mol ausgewisen. An d'lescht Joer wieren et der duebel esouvill gewiescht.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Meng Zuele ware just vu Wien.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- D'éisträichesch Fraenhaiser hunn och d'lescht Joer net manner Fraen a Kanner opgeholl. Aus hire Statistike geet ervir, datt nëmmen 10% vun de Fraen an de Kanner, déi an dësen Haiser sinn, duerch d'Polizei dohinner komm sinn. Och bei hinne bleift d'Donkelziffer ganz héich, sou wéi dat wahrscheinlech och bei eis wäert trotz dem Gesetz geschéien.

Déi éisträichesch Erfahrung huet awer och bewisen, datt verschidde Bedenken, déi am Ufank an Éisträich geäussert goufen, onbegrënnt waren. Dat heescht, datt d'Wegweisung géing féieren zu enger méi grousser Eskalatioun vun der Gewalt, an datt Täter, déi géifen ausgewise ginn, op der Strooss géife landen.

Wie rifft d'Polizei? Den Hëllefsservice fir d'Affer vu Salzburg huet an 203 Fäll, wou d'Polizei alarméiert ginn ass, opgeschlësselt vu wiem d'Polizei geruff ginn ass. 75% vun deenen, déi selwer bedroht goufen, 11% vun den Noperen, 8% vun de Kanner, 6% vun den Hëllefsstellen a 6% vun der Famill an de Frënn.

Eng Konklusioun ass, datt et zum Deel d'Kanner sinn, déi deem engen Elterendeel wëllen hëllefen. D'soziaalt Ëmfeld schéngt manner betraff se sinn, well d'Police gëtt nëmme vu knapps 20% vun der Famill a vun Noperen alarméiert.

Zu Lëtzebuerg musse mer eis selbstverständlech froen, obwuel mer d'Police ruffen, wann et ze haart an engem Appartement hiergeet, well eng Party gefeiert gëtt, ob mer och de Courage hätte fir d'Police ze ruffen, wann den Noper oder d'Nopesch een deen anere géife schloen.

90% vun de Fraen, wou de Mann ausgewise ginn ass, hu sech vun engem Hëllefsservice berode gelooss. 5.000 Clienten hunn am Joer 2001 an den Hëllefsservicer an Éisträich ëm Rot gefrot. Eleng zu Wien 1.624 Fraen.

Ganz dacks gëtt gefrot: Mä firwat geet déi Fra dann net einfach fort? Dir Dammen an Dir Hären, einfach geet iwwerhaapt keen, an einfach geet et och net. Trennungen a Gewaltsituatioune sinn extrem schwiereg a sinn och extrem geféierlech. An Trennungssituatioune kënnt et zur Eskalatioun vun der Gewalt. Déi meescht schwéier Gewaltdoten, wéi Doutschlag a Mord, geschéien dann. Mir brauchen nëmmen un dee Papp ze denken, dee virun e puer Deeg an der Eifel seng zwee Kanner a sech selwer op eng horribel Aart a Weis dout gemaach huet. A firwat? Well seng Fra hie wollt verloossen.

An da muss ee sech effektiv awer d'Fro stellen, ob et nach richteg ass, wann een do vun engem Familljendrama schwätzt. Ech mengen dat geet méi wäit. Och d'Wierder spillen eng wichteg Roll an deem heiten Discours.

Da gëtt et d'Täterstrategie, wou d'Fra engem seet, ech wollt akafe goen, do hunn ech gesot kritt vu mengem Mann: Gees de erëm, fir dass de bei däin aneren Typ kanns goen? Do huet d'Fra gesot: Da ginn ech net, da géi du. Dunn huet se geäntwert kritt: Ah sou, fir datt deen dann déi Zäit kann heihinner kommen, wou ech fort sinn.

Dir gesitt also, datt et schwiereg ass, fir op esou Aussoen ze reagéieren. Mä mir stellen awer fest, datt et och Duebelstrategië gëtt, déi vun den Täter ausgefouert ginn. Eng Kéier doduerch, datt d'Opfer systematesch geschwächt gëtt duerch Aussoe wéi: Du kanns jo näischt, oder du bass jo näischt. Datt d'Fra isoléiert gëtt, esou gutt vun hire Frënn wéi och vun hirer Famill, an datt och hir Liewenspläng futti gemaach ginn, andeem se gesot kritt: Ma ouni mech bass du souwisou näischt, a wann ech net méi do sinn, wat bass du dann nach?

Do derniewent komme Momenter, wou een dann erëm ganz léif mateneen ass a wou een och Blumme geschenkt kritt, an dat heescht dann am Fachjargon: den Dokter Jeckyll an de Mister Hyde Syndrom.

Zweete Punkt vun der Strategie ass d'Kontroll vun dem Verhalen, wou ganz streng Alldagsregelen opgestallt sinn, déi mat Gewalt bestrooft ginn, wou d'Fra oder de Mann bestänneg ënner Kontroll sinn a wou och gewalteg Jalousieszeene gemaach ginn. All dëst geschitt iwwer Joren, lues a lues a mat System. Esou ee System muss ee fir d'éischt selbstverständlech selwer erkennen, ier een e ka léisen.

Wann ee jorelaang geschloe ginn ass, dann huet ee kee Courage méi an et huet een och kee Selbstvertraue méi. Déi Wonnen a Schied, déi d'Affer hunn, sinn net nëmme physescher Natur, mä och psychescher. Fir d'éischt muss een erëm eng Liewensperspektiv hunn a Selbstbewosstsäin a Selbstvertrauen, fir datt ee sech iwwerhaapt erëm kann trauen, fir Ënnerstëtzung a Sécherheet ze fannen. Fir all dës Elementer zesummenzekréien, brauch ee selbstverständlech och Zäit.

Mir hunn eng Partie vun Aarbecht, déi gefrot ginn ass, an der Zwëschenzäit geléist. Ech denke besonnesch un d'Formatioun. Zënter der Campagne „Keng Kompromisser méi géint d'Gewalt géint Fraen a Meedercher" hu mer 13 Formatricë vun enger kanadescher Spezialistin an der Gewaltproblematik ausbilde gelooss. Hei geet et besonnesch drëm fir anere Professionelle matzedeele wéi se erausfannen, ob häuslech Gewalt am Spill ass a wéi se kompetent kënnen intervenéieren. Eng Fro, déi vun enger ganzer Rei vu menge Virriednerinnen a Virriedner gestallt ginn ass.

Zënter zwee Joer hunn all déi nei Polizisten och dës Formatioun matgemaach. Ausserdeem hu mer eng ganz Rei vu Sozialaarbechter aus deene verschiddene Secteuren ausgebilt an de Parquet huet säin Interessi ugemellt fir am Joer zéng Memberen ze forméieren an och d'Police wäert all hir Leit bis an de spéiden Hierscht an dës Formatioune schécken.

Ech wëll dobäi soen, datt hei gefrot gouf, datt mer Familljemoossname missten ergräifen. Do hu mer, ouni ze waarden, datt mer dat hei an der Chamber gefrot ginn, zënter engem Joer zesumme mat dem Kannerschlass vu Suessem eng Eltereschoul, déi amgaang ass ze fonctionnéieren an déi mer probéieren iwwert dat ganzt Lëtzebuerger Land auszedehnen, wou et ëm Problemer an de Familllje geet a selbstverständlech och d'Gewalt ee vun de Punkten dovunner ass.

Esou gutt d'Rapportrice, wéi och eng ganz Partie vu menge Virriedner hunn insistéiert op d'Täteraarbecht, wat zu gläicher Zäit selbstverständlech och Afferschutz ass.

Am November vun dësem Joer proposéiere mer eng Formatioun fir Tätertherapeuten, ausschliesslech fir Männer, déi mat Jugendlechen a mat Männer schaffen. Bei der Täteraarbecht geet et drëm, dem Täter seng Responsabilitéit zréckzeginn. Hien huet geschloen. Nëmmen hien ass dofir verantwortlech a schliesslech nëmmen hie ka weider Gewalt verhënneren. Dës intensiv Formatioun leeft iwwer dräi Joer an ass beruffsbegleedend. Dat heescht, datt dës Leit elo ewell um Terrain schaffen, an datt se zu gläicher Zäit ausgebilt a supervséiert ginn. Mir schaffen och un engem europäesche Projet mat, wou mer eng Täterhotline kréien. Dës soll um Joresenn ulafen an dat geschitt an der Testphas zu Lëtzebuerg.

Wat geschitt mat den Täter wa se ausgewise ginn? Si kréien eng Lëscht mat Adressen, wou si en Ënnerdaach a wou si och Hëllef kënne fannen. Et ass nach ze bemierken, datt d'éisträichesch Experienz weist, datt déi meescht déi Hëllef, déi se ugebuede kréien, net unhuelen. Ech denken, datt domadder déi Froen, wat mer gemaach hunn a wat mer wëlles hunn ze maache vis-à-vis vun den Täter, beäntwert sinn oder wéinstens Der gesitt, datt eis dat net egal war, an datt mer och dorunner geschafft hunn.

D'Medienaarbecht ass hei ervirgehuewe ginn an ouni Zweifel och eppes wat wichteg ass. Zesumme mat der Police, dem Jugendministère, der Justice an dem Intérieur wäerte mer Spote maache fir de Radio. Spoten, an deenen erwuessen a jugendlech Männer d'Wuert ergräifen no dem Modell, wou mer och probéiere Prominenter dofir ze gewannen, déi sech kloer géint d'Gewalt ausspriechen.

Hëllef awer och fir d'Affer. Mir hu finanziell Mëttelen zur Verfügung gestallt, fir den Affer eng proaktiv Hëllef an Ënnerstëtzung duerch déi kompetent Servicer zoukommen ze loossen. D'Affer mussen net nëmmen iwwer hir Rechter opgekläert ginn, mä brauchen ofgesi vu Versteesdemech an Opmonterung meeschtens och nach eng Ënnerstëtzung a Begleedung bei deene schwéieren Démarchen. Dat Schwéierst bleift, datt d'Affer sech erëm ka sécher spieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir mierkt, datt ech op d'Gesetz selwer net méi aginn. Ech hätt nach eng ganz Geschicht gehat, déi ech hätt wëllen erzielen, mä aus Respekt virun der Zäit wëll ech dorobber verzichten. Jiddfereen, dee se awer gären hätt, dee kritt se gären zur Verfügung gestallt.

***(Interruptions)***

Ech wëll awer soen, Här President, datt ech weess, datt vill Leit net verstinn, datt mer esou e Gesetz solle brauchen. Ech weess och besonnesch, datt eng ganz Partie Deputéierte Schwieregkeete mat dësem Projet hunn. Vläicht sollten si mat Polizisten oder Leit vun den Ambulanze schwätzen, fir ze héiere wéi grujelech esou häuslech Gewalt ka sinn. Ech hunn ee Beispill héiere vun der Police, déi zweemol an en Haus geruff ginn ass, an déi drëtte Kéier sinn se nach spontan dohinner kucke gaangen, an d'Fra huet gesot, et wier alles an der Rei, et hätt sech alles berouegt, an eng Stonn duerno war se dout.

Ech weess, datt mir grouss Changementer an déi verschidde Gesetzer an och Geriichtsprozeduren aféieren, wat besonnesch fir verschidde Juristen an Affekote Kritiken a Froe mat sech bréngt, esou wäit datt gesot gëtt et wier n'importe quoi dëst Gesetz, mä vläicht hätt ee jo kënne virauser dofir suergen a senger Dichtegkeet, datt een dat ewell alles geännert gehat hätt, dann hätte mir net bräichten doranner dokteren ze goen, an da wier et wahrscheinlech jo net n'importe quoi gewiescht. Mä, wéi gesot, mir si jo keng mat schlechtem Charakter.

Mir hunn nach keng Erfahrung doranner, mä Dir wësst alleguerten, datt, wann et Problemer mat deem engen oder mat deem anere Punkt sollt ginn, dann ass dat och kee Problem fir d'Gesetz ze änneren. Et gëtt Gesetzer, déi all Joer Changementer erliewen, also solle mer och dësem Projet seng Chance ginn.

Ech hoffen, datt duerch dëse Gesetzesprojet vill sichtbar an unsichtbar blo Plaze verhënnert ginn. Firwat maachen d'Leit sech eigentlech d'Liewe selwer esou schwéier? Keen huet d'Recht deen aneren als Geisel ze huelen. Wann ee seng Problemer an der Koppel nëmme mat Gewalt, physescher oder och psychescher, ka léisen, da soll ee besser iwwerleeën, ob et net méi richteg wier auserneen ze goen, amplaz d'Partnerschaft, déi fir déi zwee a fir d'Kanner méi en Drama ass, nach virunzeféieren.

Kanner, déi doheem gesinn, dass nëmme mat Gewalt probéiert gëtt Problemer ze léisen, mengen dat wier déi eenzeg Méiglechkeet a si riskéieren als erwuesse Leit och erëm Gewalt auszeüben. D'Chancëgläichheet tëschent Männer a Fraen, Jongen a Meedercher, ass eigentlech déi eenzeg Garantie fir Gewalt an all hire Formen ze verhënneren. Wa mer léieren, datt Männer a Fraen aneschters sinn, mä datt een esou vill wäert ass wéi deen aneren, dann hu mer méi Respekt an Toleranz vis-à-vis vun deem aneren an och vis-à-vis vun deem, wat aneschters ass.

Wa mer de Courage hu méi konsequent dës wichteg gesellschaftspolitesch Changementer ze maachen, da kréie mer ouni Zweifel eng besser Welt, déi méi schéi fir jiddfereen ass, wou mer och kee Rassismus an och keng Diskriminatioun méi dran hunn. Ech wënschen eis alleguerten dëse Courage an ech soen lech alleguerte villmools merci, och wann Der de Courage hutt dëst Gesetz ze stëmmen, obwuel Der vläicht e bëssselche manner dorunner gleeft. Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4801.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 12 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleiende Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes (par M. Laurent Mosar), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marcel Sauber (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Jean-Paul Rippinger), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel, MM. Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*S'est abstenu: M. Jean-Paul Rippinger.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

***Motion 1***

Dann hätte mer nach eng Motioun, déi d'Madame Renée Wagener am Numm vun deene Gréngen abruecht huet. Ech mengen, den Text läit vir, si huet en och explizéiert, esou datt jiddferee weess, wou en drun ass.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Ech froen d'Madame Minister nach Stellung ze huelen, well si huet dat nach net gemaach.

M. le Président.- D'Madame Minister huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Här President, ech ka mat deem éischten Deel vun där Motioun d'accord si fir ze soen, datt mer, wa mer de Règlement grand-ducal hunn, domadder an d'Chamberskommissioun kommen. Dir wësst, dass dat fir mech kee Problem ass. Och wann et net Usus ass, sinn ech awer gäre bereet dat ze maachen.

Dat wat ech net kann unhuelen, dat ass, datt mer gesot kréie wat mer mat de Budgetë maache missten. Dir verstitt, datt dat eng Fro ass, déi mer mussen appréciéieren. Ech wäert mech mussen an där nächster Woch bei de Budgetsdebatten an der Regierung domadder ausernee setzen.

Selbstverständlech, mir hunn elo ewell eng Partie, dat heescht dräi Posten, déi an deene verschiddene Servicer sinn. Wéi vill datt mir der zousätzlech kréien a wéi déi ganz Organisatioun och vun där Kommissioun do geet, do mengen ech ass et nach net de Moment fir sech doriwwer ze äusseren, an dofir géing ech soen, Här President, datt ech déi Motioun an deem Sënn net kann unhuelen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Mir stëmmen elo of.

Ass ee Vote électronique verlaangt?

***(Assentiment)***

Mir stëmmen dann elektronesch iwwert d'Motioun of.

***Vote***

Déi déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

D'Motioun 1 ass verworf mat 35 Nee- a 24 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Jacques-Yves Henckes.*

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mueren a fänkt um néng Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 23.34 heures)***

## MERCREDI, 16 JUILLET 2003 — 72E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. 5085 - Projet de loi portant
   - modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;
   - modification de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;
   - modification de la loi modifiée du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés

   *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
2. 5158 - Projet de loi portant renforcement du cabinet des juges d'instruction près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg et portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

   *(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
3. 4863A - Projet de loi modifiant la loi du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

   4863B - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 27 novembre 1980 ayant pour objet la création d'une administration de l'environnement

   Interpellation de M. Camille Gira sur l'application de la loi commodo-incommodo

   *(Rapport de la Commission de l'Environnement - Discussion générale - Lecture du texte des projets de loi - Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel - Motion - Vote)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Luc Frieden, Ministre; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

***(Début de la séance publique à 9.01 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5085 iwwert de Secteur financier. Et si schonn ageschriwwen: déi Hären Haupert, Krecké, Graas a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

1. 5085 - Projet de loi portant
- modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;
- modification de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;
- modification de la loi modifiée du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et de Moien nees eng Kéier mat engem Projet iwwert d'Finanzplaz ze dinn. Ausnahmsweis, géif ech soen, ass en net grad esou technesch, datt een e quasi nëmme kann an Zuelen an och komplizéierte Fachausdréck erëmginn. Et ass éischter e bësse méi e juristesche Projet. Ech wëll versichen a mengem mëndleche Rapport op eng kloer a verständlech Manéier duerzeleeën ëm wat et an deem Text elei geet.

Op der Finanzplaz operéieren niewent de Banke selwer eng ganz Rëtsch vu sou genannte Professionnels du secteur financier, kuerz PSFe genannt. Dat sinn déi Gesellschaften, verschiddener kënnen och physesch Persoune sinn, déi finanziell Déngschtleeschtunge ronderëm d'Aktivitéit vun de Kreditinstituter ubidden. Dës PSFen ënnerleien der Kontroll vun der CSSF a mussen och beim Minister en Agrément fir hir Aktivitéit ufroen.

Allerdéngs hu sech am Laf vun der Zäit eng ganz Panoplie vu weideren Aktivitéiten op der Finanzplaz a ronderëm d'Finanzplaz entwéckelt, déi weder spezifesch geregelt sinn, nach kontrolléiert ginn. Sënn an Zweck vun dësem virleiende Projet ass et elo dës Aktivitéiten ze erfaassen a se der Kontroll vun der CSSF mat Agrément vum Minister a mat finanzieller Basis ze ënnerstellen.

Domat soll éischtens an e puer vun dësen Aktivitéiten d'Méiglechkeet vun der Geldwäsch ënnerbonne ginn, zweetens an all dësen Niewesecteuren de Professionalismus an déi professionell Honorabilitéit gefördert ginn, an drëttens richteg spezialiséiert Déngschtleeschtungsberäicher geschafe ginn, déi eis Finanzplaz géigeniwwer der Konkurrenz aus dem Ausland weider demarkéiere sollen.

Viséiert vum Projet si fir d'éischt d'Aktivitéiten, déi reng finanzieller Natur sinn an haut nach keng weider Regelung kennen. Dat sinn, ech nennen se séier mat hirem offiziellen Titel: déi professionell Dépositairë vu Wäertpabeieren oder anere finanziellen Instrumenter, d'Agents de transfert et de registre, déi Professionell, déi Geld léinen, déi, déi Wäertpabeiere léinen, déi, déi Fongen transféréieren, d'Verwalter vu gemeinsame Spuerfongen an d'Gestionnairë vun net koordinéierten Anlagefongen.

Wat déi all am Detail maachen ass am Text vum Projet selwer definéiert. Ech ginn och dorobber net hei an. Meeschtens handelt et sech ëm héich spezialiséiert Aktivitéiten am Ëmgank mat Finanzprodukter. Wichteg ass, datt se alleguerten eng reng finanziell Aktivitéit hunn. Si si bis elo awer kenger Kontroll ënnerworf. Well se awer mat erhieflechen Zommen oder Geldwäerter operéieren, a well hir Tätegkeet net ouni all Risiko fir de Client ass, sollen se elo deemselwechte Regime vu prudentieller Kontroll ënnerworf gi wéi déi aner Acteuren op der Finanzplaz och.

Eng vun de Froen, déi sech bei dëser Kategorie vun neie PSFe gestallt huet, war, ob dann elo d'Gestionnairë vu betribsinterne Spuerfongen och missten den Agrément als PSF kréien. D'Äntwert dorobber ass ganz kloer neen, well dës Spuerfongen net d'Kontroll vun der CSSF brauchen a well se net fir Placementer ausserhalb vum Betrib genotzt ginn, mä just zum interne Finanzement vun der Entreprise selwer. An deem Sënn ass hir Aktivitéit keng finanziell Aktivitéit am Sënn vum 93er Gesetz iwwert d'Finanzplaz. Niewent de genannte Professionellen, déi reng finanziell Servicer ubidden, existéieren där awer och nach, där hir Aktivitéit a priori keng finanziell ass, mä déi als finanziell betruecht ka ginn, wa se am Kontext vun anere reng finanziellen Operatioune stattfënnt.

Dat ass méi de Fall, well och dës Professioneller hir Servicer virun allem op der Finanzplaz an och ronderëm d'Finanzplaz ubidden. Dee ganze Finanzsecteur spezialiséiert sech ëmmer méi a bestëmmten Aktivitéite gi vun den ursprüngleche PSFen nëmme méi ganz begrenzt oder guer net méi ugebueden, well se sech anerwäiteg spezialiséiert hunn a gewëssen Déngschtleeschtunge vun anere maache loossen oder se einfach outsourcen.

Déi Gesellschaften oder Persounen, déi esou ausgelagert Servicer offréieren, ginn an dem zweeten Deel vum Projet elo och geregelt a si ginn dem Regime vun de PSFen a Saachen Agrément a Kapital ënnerworf. Och elei wëll ech kuerz opzielen ëm wéi eng spezifesch Aktivitéiten et sech do handelt:

- d'Agents de communication à la clientèle, déi confidentiel Informatioune weiderleeden, déi sech op reng finanziell Aktivitéite bezéien;
- d'Agents administratifs vum Finanzsecteur, déi sech fir aner PSFen ëm deenen hir administrativ Ofleef këmmeren ;
- d'Operateure vun den informatesche Systemer an de Kommunikatiounsréseauë vum Finanzsecteur;
- déi Professionell, déi Gesellschafte grënnen a verwalten.

Déi Professionell, déi am Sënn vum Domiciliatiounsgesetz als Domiciliataire vu Gesellschaften unerkannt sinn, dierfen och ënnert dësem neie Gesetz Gesellschafte grënnen an och verwalten. Dat fält an hiren Aktivitéitsberäich mat eran.

An deem Kontext huet sech dann och d'Fro gestallt, ob déi Konzerner, déi um Siège vun hirem Grupp nach weider Gesellschaften aus deem Grupp domiciliéieren, elo sollen Domiciliataire am Sënn vun der PSF-Gesetzgebung ginn. Dat ass net de Fall, well déi applicabel Gesetzgebung och elo schonn a weiderhin d'Domiciliatioun vu Gesellschafte bei anere Gesellschaften erlaabt, déi op si e bedeitenden Afloss ausüben. Et ass also kee Problem fir Gesellschaftsgruppen de Siège vun all hiren Deelgesellschaften op engem an deemselwechte Site ze behalen, an zwar ouni datt se dofir den Agrément vun der CSSF bräichten.

Schliesslech gesäit de Projet vir, datt dëst Gesetz den éischten Dag vum zweete Mount no senger Publikatioun a Kraaft trëtt. Duerno hunn all déi Concernéiert nach sechs Méint Iwwergankszäit fir sech mat deenen neie Regelen a Conformitéit ze setzen.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn déi grouss Zich vum Projet 5085 iwwert dee mer de Moien ofstëmmen. Et ass mat Sécherheet e wichtegen Text, deen enger reeller Demande vun der Finanzplaz entsprécht an dee mer dofir och ganz séier konnten duerch den Instanzewee bréngen. Ech wier frou, wann d'Chamber dësem Text eng grouss an eng breet Zoustëmmung géif ginn, an ech soen Iech alleguerte merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Norbert Haupert agedroen. Den Här Haupert huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Norbert Haupert *(CSV).*- Merci, Här President. De Kolleeg Lucien Clement, deem ech hei fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport wéilt félicitéieren, ass am Detail op all déi nei Professiounen agaangen, déi duerch dëse Projet agefouert ginn. Ech ka mech doduerch op e puer méi allgemeng Remarke beschränken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Entwécklung an d'Qualitéit vun enger Finanzplaz hänken haaptsächlech vun zwee Facteuren of. Éischtens der Méiglechkeet, déi de gesetzleche Kader fir esou eng Entwécklung zouléisst, fir sech ëmmer erëm neie Produkter an Déngschtleeschtungen unzepassen. An zweetens der Sécherheet, déi de gesetzleche Kader bitt, fir datt et op där Plaz mat rechte Mëttelen zougeet, andeems se déi néideg Kontrolle virgesäit, déi de Seriö vun där Plaz garantéiert.

Dofir verfollegt dee Projet, deen hei virläit, och folgend Objektiver. Éischtens Suerg ze droen, datt an Zukunft all Aktivitéite vum Finanzsecteur der Opsiicht vun der Commission de surveillance du secteur financier, CSSF genannt, ënnerworf sinn. Dat gëllt och fir verschidden Aktivitéiten, déi a priori keng Finanzaktivitéite sinn, déi et awer doduerch ginn, datt se connexe oder complémentaire zu Finanzaktivitéite sinn.

Dat zweet Objektiv, speziell Definitioune fir nei Kategorië vu Professioune vum Finanzsecteur ze schafen, fir dës der Opsiicht vun der CSSF ze ënnerwerfen a besonnesch d'Konditioune vun hirem Agrément un déi Risiken unzepassen, déi se a Wierklechkeet lafen an doduerch hire Clienten eng gréisser Sécherheet ze bidden.

Dëst sinn d'Aktivitéiten am Beräich vum Prêt crédit-bail financier an dem Factoring, am Beräich vum Prêt sur titres, am Beräich vun de Services de transfert de fonds an am Beräich vun der Administratioun vu Spuerfongen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et läit am Trend vun eiser Zäit, datt d'Entreprisë sech ëmmer méi op hiert Kärgeschäft konzentréieren an all Aktivitéiten, déi net direkt zu deem Kärgeschäft gehéieren, u friem Betriber delokaliséieren, oder wéi een esou schéin am technesche Sproochgebrauch seet "outzesourcen". Zu deenen Aktivitéiten zielen, wat de Finanzsecteur ubelaangt, d'Aktivitéite vun engem Agent administratif, engem Kommunikatiounsagent, engem Operateur am Beräich vun den Informatikssystemer an de Kommunikatiounsréseauen an engem Spezialist fir d'Constitutioun an d'Gestioun vu Gesellschaften.

Dat sinn Aktivitéiten, déi net zum Kärgeschäft vun enger Bank zielen, si sinn awer bis elo vun hire Servicer mat exécutéiert ginn. Verschidde Leit hu sech an deene Servicer spezialiséiert a se als selbstständeg Beruffler de Banken ugebueden. Doduerch datt déi Leit héich spezialiséiert si kënnen se de Banken dës Servicer wahrscheinlech méi bëlleg a besser ubidde wéi wann dës se vun hiren eegene Leit géinge weider ausféiere loossen. Dësen Trend schmaacht mat Sécherheet net alle Bedeelegte vum Finanzsecteur, et ass awer e Fait, datt d'Spezialisatioun an déi domat verbonnen Delokalisatioun vu verschiddene Servicer zu enger Steigerung vun der Produktivitéit vum gesamte Secteur bäidroen.

Et ass net eppes wat mer bei eis am Land erfonnt hunn. Et läit also, wéi scho gesot, am Trend vun eiser Zäit a wa mer eis deem net upassen ass mëttel- oder laangfristeg d'Compétitivitéit vun eiser Finanzplaz a Fro gestallt.

Duerch dëse Projet ginn dës Servicer net geschaf, well se jo scho bestinn, awer heimat sollen se de gesetzleche Kader kréien, deen d'Konditioune vun hirem Agrément festhält a se der Opsiicht vun der CSSF ënnerwerft.

Här President, wéi scho gesot, wëll ech net am Detail op all déi nei Professiounen hei agoen, dat huet de Fraktiounskolleeg Lucien Clement scho gemaach. Erlaabt mer awer e puer Remarken zu den Administrateurë vun de gemeinsame Spuerfongen ze maachen. Hei handelt et sech ëm eng Aktivitéit, wou gespuerte Gelder vu verschiddene Leit en bloc op enger Bank placéiert ginn, fir doduerch vun engem besseren Zënsfouss ze profitéire wéi wa jidder Eenzelne säi klengt Erspuernis géing bei där Bank op e Kont setzen. Wann esou Aktivitéiten am Krees vun der eegener Famill geschéien oder der direkter Noperschaft, da gi se net als Finanzoperatioun considéréiert. Dës Aktivitéite berouen dann ausschliesslech op engem privaten Arrangement tëschent deenen eenzelne Leit, ouni Garantie an ouni Protektioun fir de Spuerer, déi d'Gesetz iwwert de Finanzsecteur virgesäit.

Wann dës Aktivitéiten awer den enke Krees vun der Famill oder der direkter Noperschaft iwwerschreiden, wa se vun organiséierte Veräiner oder esouguer vu Gewerkschafte praktizéiert ginn, da musse Sécherheeten a Garantië fir de Spuerer agefouert ginn, an dat besonnesch am Nachhinein vun de Skandaler, déi eis Gesellschaft an deene leschte Joren och bei eis hei ébranléiert hunn.

Wann déi Aktivitéiten an der Gestioun vun den Erspuernisser vun hire Membere bestinn, dat heescht, datt se net einfach op e Kont gesat ginn, mä a Wäertpabeieren oder soss Finanzprodukter investéiert ginn, da brauch keen neie gesetzleche Kader geschaf ze ginn, well déi Aktivitéiten haut schonns ënnert d'Dispositioune vum Gesetz iwwert d'Finanzplaz falen a se also ouni Agrément vun der CSSF bis elo illegal ausgeübt goufen, mat deene Risiken, déi d'Membere vun deene Veräiner gelaf sinn an och nach lafen.

Wann et sech awer ëm eng einfach Administratioun vun den Erspuernisser gehandelt huet, dat heescht ëm en einfache Placement op e Spuerkont, da war déi Aktivitéit dem Gesetz vum 5. Abrëll 1993 net ënnerworf. An der Folleg vun deenen ernimmte Skandaler huet d'Regierung gemengt och esou Aktivitéiten dem Gesetz ze ënnerwerfen, wann se d'Erspuernisser vun 20 a méi Leit administréieren, fir doduerch kleng Spuerer géint d'Abüe vun den Administrateurë vun hire Suen ze protégéieren.

Dofir verlaangt de Projet vun den Administrateurë vun esou Spuerfongen, datt se an Zukunft en Agrément vun der CSSF kréien an esou der Kontroll vun där Kommissioun ënnerleien. Fir den Agrément ze kréie muss esou e Verwalter déi néideg Qualifikatioun noweise kënnen an iwwer eng finanziell Assise vu mindestens 125.000 Euro verfügen, déi souzesoen als Garantie fir d'Memberen dénge sollen. Et sief nach ervirzehiewen, datt d'Aktivitéit vun der Administratioun vun engem Spuerfong esouwuel vun enger physescher wéi och vun enger moralescher Persoun kann ausgeübt ginn, wou souzesoen all déi aner nei geschafen Aktivitéiten nëmme vu moralesche Persounen, also vu Gesellschafte kënnen ënnerholl ginn.

De Projet schreift des Weidere vir, datt d'Administrateuren eng Konventioun mat hire Memberen ofschléisse mussen, an datt den Administrateur eng Kopie vun dëser Konventioun bei där Bank, bei där hien d'Fonge placéiert, hannerleeë muss. Hie kann dës Fongen och nëmmen op e Compte à vue oder à terme placéieren, an zwar nëmme bei enger Bank, déi hei zu Lëtzebuerg oder an engem anere Land vun der EU etabléiert ass. Duerch dës Mesurë sollen d'Interesse vun deene klenge Spuerer vun esou Spuerfongen an Zukunft besser garantéiert ginn.

Här President, ech hoffen, datt dëse Projet zum Ausbau vun eiser Finanzplaz bäidroe wäert a virun allem, datt d'Sécherheet vun de Spuerer nach weider gefestegt gëtt, dat an hirem eegenen Intérêt, awer och am Intérêt vun der Renommée vun eiser Finanzplaz an doduerch am Intérêt vun eiser gesamter Wirtschaft.

Heimat bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet an ech soen lech merci.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no den Ausféierunge vum Rapporteur an nom Rapport bis vum Norbert Haupert, deen nach eng Kéier op eng ganz Rei Detailfroen agaangen ass, mengen ech, brauchen déi Riedner wéi ech an déi duerno wahrscheinlech net méi op déi technesch Aspekter anzegoen.

Et ass evident, dass hei eng Entwécklung, déi sech op der Finanzplaz an op de Banken am Allgemenge vollzitt, bedéngt eben duerch dat wat och am Ausland geschitt, einfach festzestellen ass. A wa mir dann higinn a mir reagéieren net, da verléiere mer de Contrôle an d'Konditiounen, déi mer mussen imposéiere vis-à-vis vun enger ganzer Rei Leit, an dofir musse mer de Perimeter erweidere vun deene Leit, déi elo ënnert de Contrôle falen. Vu dass dat am Trend net nëmme vun der Finanzplaz ass, mä am Trend allgemeng sollt sinn, dass een eng Législatioun au fur et à mesure muss upassen, wann eenzel Créneauen, eenzel Wirtschaftssecteuren sech anescht développéieren - dat hu mer jo gëschter och hei diskutéiert -, esou ass dat bei der Finanzplaz net anescht. Duerfir kann ech och den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir gi jo hei regelméisseg mat Gesetzesännerunge befaasst, wat eis Finanzplaz ubelaangt. Et ass jo haut och net anescht. Et ass och evident, datt ee muss permanent de legislative Kader do upassen. Virun allem d'Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwert de Secteur financier ass jo op dëser Plaz an deene leschte Jore schonn e puermol adaptéiert ginn. Dat beweist, datt d'Regierung näischt dem Zoufall iwwerloosse wëllt, fir datt eben eis Finanzplaz weiderhin och kompetitiv bleift, an datt dëse Secteur jo ënnert engem gewëssenen Drock steet, ass eis jo net onbekannt.

Ech wëll awer och nach eng Kéier op dee wichtegen ekonomesche Volet vun der Finanzplaz zu Lëtzebuerg hiweisen. De Moment schaffen zum Beispill 27.527 Leit do. D'Gesamtbilanszomm vun eise Banke louch dann de leschten 31. Mee bei 653,51 Milliarden Euro. Dat ass eng Baisse par rapport op den 30. Abrëll vun 1,2%. Dann hu mer 175 Kreditinstituter op de leschten 30. Juni gehat an am professionelle Finanzsecteur waren 143 Entreprisen täteg. Dës Chiffere kann een iwwregens der leschter CSSF-Newsletter enthuelen.

Dësem Gesetzesprojet fält also ouni Zweifel eng ganz wichteg Bedeitung zou, well eben de juristesche Kader fir eng weider Diversifikatioun vun eisem Finanzsecteur gesat gëtt. Och am Finanzsecteur entstinn, wéi gesot, nei Déngschtleeschtungen an et ass virdrun hei schonn e puermol ugeschnidde ginn, et schwätzt een do vun engem gewëssenen Outsourcing. Et entstinn dann eben nei Kompetenzberäicher. Eenzel connexe Servicer ginn, wéi gesot, dann net méi direkt vun deene klassesche Finanzacteuren ausgefouert, mä et sinn ebe Spezialisten, déi a priori emol näischt direkt mat Finanzgeschäfter ze dinn hunn.

D'Tatsaach, datt fir en Agrément ze kréien, fir eben esou Aktivitéiten auszeféieren, een awer muss e gewëssent Kapital virweisen, ass jo awer dee beschte Beweis, datt net jiddfereen esou Aktivitéiten ausübe kann.

Et ass awer evident, datt esou Diversifikatiounsaktivitéiten awer och musse mat sech bréngen, datt een de Kontrollmechanismus vergréissert. Leider gëtt eis Finanzplaz, zumindest am Ausland, munchmol zu Onrecht duergestallt wéi wann heiansdo géing mat e bëssen onorthodoxe Methode geschafft ginn. Dofir ass et also wichteg, datt mer och hei offensiv virginn.

Den Haaptobjektiv vun dësem Projet de loi besteet jo doran, datt elo sämtlech Aktivitéiten, déi am Beräich vum Finanzsecteur gemaach ginn, eben och dem Kontroll vun der CSSF an Zukunft ënnerleien.

Dat ass keng Aschränkung vun de Finanzaktivitéiten, mä dat ass u sech eng zousätzlech Garantie, datt eben eis Finanzplaz weiderhin och korrekt bleift. Bis elo ware jo eng Rei vu professionellen Acteuren net där Kontroll do ënnerleeën. Besonnesch och wat de kollektive Placement vu Gelder ubelaangt muss ee virsichteg sinn an et ass dofir ze begréissen, datt d'Responsabilitéite vun den Administrateuren, déi mat deene Missioune betraut sinn, méi kloer definéiert ginn. Ech wëll elo net hei op den Detail vun deenen eenzelne Missiounen agoen. Dat hunn d'Virriedner scho gutt gemaach.

Ech wëll awer nach eng kuerz Remarque maachen, wat den interne Finanzement vun enger Entreprise ubelaangt duerch Leit, déi do schaffen, datt dat eben elo net esou considéréiert gëtt an dat net der Kontroll vun der CSSF ënnerläit. Well hei si mer jo awer an engem méi geschlossene Raum, esou datt et evident ass, datt dee Contrôle net muss ausgefouert ginn.

Ech wëll ofschléissend nach eng Kéier drop hiweisen, datt dat hei e ganz wichtegt Gesetz ass, wat wéi gesot d'Compétitivitéit vun eiser Finanzplaz net nëmmen ofséchert, mä och nach kann ausbauen an ech wëll och nach dem Kolleeg Lucien Clement merci soe fir seng zwee Berichter a brénge selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner huet den Här Gast Gibéryen d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Vu datt mer haut e ganz groussen Dag hunn, a fir net dem Risiko ze verfalen nach eng Kéier dat ze widderhuele wat meng dräi Virriedner elo schonn hei am Detail gesot hunn, wëll ech am Numm vun eiser Fraktioun dem Kolleeg Lucien Clement als Rapporteur merci soe fir seng gutt Aarbecht, déi hie gemaach huet, an d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen.

M. le Président.- Den Här François Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, no deenen excellentë Riede vum Här Clement, vum Här Haupert, dem Här Krecké, dem Här Graas an dem Här Gibéryen, bleift et mir nach just iwwreg fir den Accord ze bréngen.

M. le Président.- Dann huet elo d'Wuert den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, ech mengen, datt dëse Projet de loi e wichtege Gesetzesprojet ass fir d'wirtschaftlech Situatioun hei am Land oder an dëser wirtschaftlecher Situatioun, well et dréit dozou bäi, datt mer eng Diversifikatioun vun der Finanzplaz kréien, nei Aktivitéiten, déi soss héchstwahrscheinlech sech am Ausland ugesidelt hätten, kréien elo e klore juristesche Kader.

Et bréngt also eng Diversifikatioun vun der Finanzplaz, et bréngt eng Consolidatioun vun der Finanzplaz, well och déi, déi Recours hunn op esou Aktivitéiten, géingen héchstwahrscheinlech soss op eng Plaz goen, wou déi Aktivitéite méiglech sinn a wou se haut schonn e juristesche Kader hunn. An dofir ass et niewent der Diversifikatioun an der Consolidatioun och e Gesetz, wat dozou bäidréit, datt eng Rei zousätzlech Aarbechtsplaze kënnen zu Lëtzebuerg geschafe ginn, an ech mengen, dat ass grad an dësen Zäiten net vu Muttwëll.

An deem Sënn sinn ech frou, datt dëse Gesetzesprojet hei an der Chamber esou eng breet Zoustëmmung fënnt an dofir soen ech dem Rapporteur, dem Här Clement, an all deenen aneren, déi heizou geschwat hunn, am Numm vun der Regierung villmools merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5085 a stëmmen herno driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also herno driwwer of.

Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Zum Schluss, wann d'Gesetzer alleguerten duerch sinn oder?

M. le Président.- Haut de Moien.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- Ech géif gäre wëssen: Wat heescht dat herno? An dofir wéisst ech gär, ob herno elo ass, ier mer…

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- Et ass de Wonsch geäussert gi fir direkt ofzestëmmen. Da stëmme mer elo of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Marcel Sauber), MM. Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Fred Sunnen), Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par Mme Nancy Arendt) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par Mme Agny Durdu), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. Théo Stendebach), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Jean-Paul Rippinger), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Emile Calmes) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Del-*

*vaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Wohlfart), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira et Jean Huss (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5158 iwwert d'Organisation judiciaire. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn agedroen d'Madame Err an déi Häre Bettel an Henckes.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marcel Sauber.

## 2. 5158 - Projet de loi portant renforcement du cabinet des juges d'instruction près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg et portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

***Rapport de la Commission juridique***

M. Marcel Sauber *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi iwwert dee mer elo schwätze viséiert dräi Objektiver.

Éischtens gëtt d'Zuel vun de Juges d'instruction vum Bezierk Lëtzebuerg vun néng op 13 eropgesat. Zweetens envisagéiert en d'Méiglechkeet, datt méi experimentéiert Riichter Kandidat fir de Poste vun engem Untersuchungsriichter kënne ginn a schlussendlech drëttens d'Revalorisatioun vun dem Poste vum Juge d'instruction directeur vum Bezierksgeriicht vu Lëtzebuerg.

Wat d'Erhéijung vun der Zuel vun den Untersuchungsriichter ubelaangt, esou geet d'Motivatioun kloer aus dem Exposé des motifs vum Projet ervir. Ech géing doriwwer eraus hei gären nach eng Kéier op de Programme pluriannuel vum Recrutement vun der Magistratur, deen am Gesetz vum 24. Juli 2001 virgesinn ass, hiweisen. Bis d'Period 2004/2005 gëtt d'Zuel vun de Magistraten ëm 21 Persounen eropgesat. Dobäi kënnt nach e Substitut fir d'Cellule anti-blanchiment vum Parquet an der Stad.

D'Zuel vun den Affären hëlt zou, esou datt sech och en Opstocke vun der Zuel vun den Untersuchungsriichter justifizéiert, dëst am Sënn, datt d'Affäre méi séier kënnen traitéiert ginn. Den Exposé des motifs gëtt och e Vergläichsargument aus Frankräich. Do schwätzen se vun 120 bis 130 Affäre pro Joer pro Untersuchungsriichter, fir d'Affären normal kënnen ze traitéieren.

Hei zu Lëtzebuerg ass d'Zuel vun den Dossiere bis zu 50% méi héich, déi d'Untersuchungsriichter pro Joer erledegen, dat heescht 200 an der Moyenne. Fir e besseren Oflaf vun den Affären ze erméigleche ginn elo dräi weider Juge-d'instruction-Posten agefouert, zwee am September 2003 an een am September 2004, esou datt mat deem Datum mer der dann 13 hunn.

Da ginn et och nach zwee Juges d'instruction vice-président beim Arrondissementsgeriicht vu Lëtzebuerg.

D'global Iwwersiichtstabell beim Commentaire des articles kläert iwwregens déi vläicht méi schwéier liesbar Zifferen aus deenen aneren Texter. De Conseil d'Etat weist a sengem Avis drop hin, datt et net duergeet d'Zuel vun den Untersuchungsriichter eropzesetzen, et ass wéinstens grad esou wichteg, datt d'Viraarbecht vun de Policeservicer och an normalen Délaië ka geschéien, an datt d'Cabinets d'instruction esou méi séier kënne fonctionnéieren. Dat bedeit och, laut Statsrot, datt e regelrechte Gesamtplang realiséiert gëtt, deen ënner anerem och d'Iwwerdenke vun de Prozeduren an déi materiell Moyenen, op déi d'Justiz muss zréckgräife kënnen, virgesäit.

D'Kommissioun ass der Meenung, dass de Projet e Schrëtt an déi richteg Richtung ass. Si huet och Kenntnis geholl vun der rezenter Pressekonferenz vun deenen zoustännege Regierungsmemberen, déi nach weider Initiativen am Sënn vun der Remarque vum Conseil d'Etat virgesinn. Esou gëtt ënner anerem d'Police judiciaire ëm 20 Persounen opgestockt.

De Projet schaaft dann och d'Méiglechkeet, datt méi experimentéiert Magistratë sech fir de Poste vun engem Untersuchungsriichter interesséiere kënnen. Ech weisen op de schréftleche Rapport hi fir déi technesch Detailer.

De Conseil d'Etat freet sech a sengem Avis, ob duerch déi envisagéiert Propositioun dat gewënschtent Zil erreecht gëtt. D'Kommissioun hirersäits begréisst de Wëlle vun der Regierung duerch en zousätzlechen Attrait d'Fonctioun vun dem Untersuchungsriichter méi interessant ze maachen.

De Projet de loi gesäit weider eng Revalorisatioun vum Poste vum Juge d'instruction directeur hei zu Lëtzebuerg vir. Dës Propositioun ass justifizéiert. Hien huet jo net nëmmen d'Direktioun vum Cabinet vun de Juges d'instruction, dee méi grouss gëtt, mä hien huet och an dësem Zesummenhank eng besonnesch Responsabilitéit. D'Kommissioun ass also och d'accord mat dem Klassement an de Grad M5.

D'Dispositioune vun den Artikelen 3 bis 6 concernéieren déi néideg legislativ Upassungen an erfuerdere kee weidere Kommentar.

An hirer Textpropositioun vum Artikel 6 dréit d'Commission juridique iwwregens och der Bemierkung vum Conseil d'Etat Rechnung, andeems se d'Referenz op de Budget 2004 ewechléisst.

Dat gesot, recommandéiert d'Commission juridique vun der Chamber de Projet esou wéi en hei virläit unzehuelen. Ech wëll dann och hei den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci dem Rapporteur fir säi mëndlechen a säi schréftleche Rapport an dësem Beräich, wou d'Zuel vun den Untersuchungsriichteren op 13 eropgesat gëtt, an zwar um Enn vum Joer 2004.

Dat ass eng substanziell Verbesserung am Intérêt vun deem Service vun den Untersuchungsriichtere selwer an och am Intérêt vun de Justiciablen an dem Sënn vun enger méi rapider Evakuatioun vun den unhängegen Dossieren, déi ëmmer méi zouhuelen, besonnesch am wirtschaftlechen an am finanzielle Beräich. Et muss awer och derfir gesuergt ginn, an dat ass eppes wat de Statsrot ugedeit oder gefuerdert huet, dass d'Servicer vun der Police judiciaire opgestockt ginn, fir dass och vun do aus bei den Enquêtë schonn d'Affäre méi séier weiderginn.

Et muss onbedéngt dru geduecht ginn, dass wann déi Servicer do opgestockt ginn, wann d'Zuel vun de Riichter eropgeet, dass och d'Services judiciaires, de Cabinet d'instruction, an datt och dat administratiivt Personal un déi Situatioun muss ugepasst ginn. Ech géif derbäi bemierken, dass et un der Zäit wier, dass och den Här Justizminister sech derfir géing asetzen, dass d'Riichter kënnten ënnert bessere Konditioune schaffen, wat d'Raimlechkeeten ubelaangt, an ech géif drop hiweisen, dass hie soll Drock derhannert maachen, fir dass mer endlech mat der Cité judiciaire ukommen, fir dass d'Riichter, wéi gesot, ënnert deene beschtméigleche Konditioune schaffe kënnen.

Och wat d'Riichter selwer an dat administratiivt Personal ubelaangt wier et gutt, wann se besser an der Informatik équipéiert géife ginn, fir dass se hir Aarbecht méi liicht kënnte maache mat deenen néidege materielle Moyenen.

Et ass och eng Neierung an dësem Projet virgesinn, dat ass fir d'Fonctioun vum Untersuchungsriichter méi attraktiv ze maachen, an zwar dass se méi eng ausgedehnte Carrière kréien, dass se net mussen, wa se wëlle weiderkommen, an en anere Service goen. Si kënnen am Cabinet d'instruction bleiwen an an aner Gradë kommen. Dat mécht déi Fonctioun méi attraktiv a si kënne méi laang do bleiwen, esou dass se deem ganzen Déngscht kënnen hir Erfahrung vermëttelen an doduerjer och dem Justiciable an dem ganze Service vill méi nëtzlech kënne sinn.

Et ass och wichteg, dass dee Mann oder déi Fra, deen/déi d'Responsabilitiéit huet vun der Direktioun vum Cabinet d'instruction, de Juge d'instruction directeur, dass dee vum M4 an den M5 kënnt. Och dat mécht deem säi Poste méi attraktiv a kënnt dem ganzen Service zugutt.

Ech wéilt awer och nach eng Kéier drop hiweisen, dass de Statsrot sech staark gemaach huet, fir dass een an deem ganze Beräich vum Cabinet d'instruction, vun der Instructioun selwer eng global Léisung siche soll, besonnesch wat d'Verkierzung an d'Erliichterung vun de Procéduren ubelaangt, wat och géing dozou bäidroen, dass d'Affäre méi séier kënnten evakuéiert ginn. Dat ass och e Punkt, dee mer schonn des Öfteren hei diskutéiert hunn, a wou mer och schonn eng speziell Debatt doriwwer haten. Wéi gesot, do misst derfir gesuergt ginn, dass esou schnell wéi méiglech op deem Gebitt Neierunge kéimen.

Voilà, dat gesot, ass eis Fraktioun der Meenung, dass dat hei e Projet ass, deen erëm e Schratt méi wäit geet am Intérêt vum Justiciablen an enger méi schneller Evakuatioun vun den Dossieren am Cabinet d'instruction. Dofir géif ech och den Accord vun eiser Fraktioun dozou bréngen.

M. le Président.- Als nächste Riedner huet den Här Xavier Bettel d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Här Sauber merci soe fir säi Rapport. Wéi et scho vun deene meeschten Orateuren hei gesot ginn ass, ass et e ganz wichtege Projet, dass d'Zuel vun den Untersuchungsriichter an d'Luucht gesat gëtt.

Ech mengen, de Riichter hei zu Lëtzebuerg huet, wéi gesot gëtt, iwwer 200 Affären am Joer, an dann dierf een awer och net vergiessen, dass mer nach, an dat steet am Text just esou niewebäi, ongeféier 400 Commissions rogatoires internationales am Joer hunn. Bei déi 400 CRIen, wéi dat genannt gëtt, muss een och nach d'Demandes additionnelles dobäirechnen, dat heescht déi al Demanden, déi schonn dobanne sinn, wou dann nach Devoirs supplémentaires gefrot gi vun engem auslänneschen Untersuchungsriichter. Dat heescht et kënnt ee wäit op iwwer 250 bis 300 Affäre fir een eenzegen Untersuchungsriichter.

Ech ka mer virstellen, mir héieren ëmmer deen Terme Untersuchungsriichter um Radio oder op der Télee, mä verschidde Leit heibanne wësse vläicht net ganz genau, wat d'Missioun iwwerhaapt vun engem Untersuchungsriichter ass, an dofir hunn ech mer erlaabt e bëssen op Internet ze surfen an lech einfach zwou Definitiounen ze gi vum Untersuchungsriichter.

***(Interruptions)***

Ech hunn Zäit, Här Henckes. Här Henckes, fir en Avoué ze preparéieren ass et jo gutt.

Also: «Le juge d'instruction est un juge qui intervient lorsqu'une infraction grave ou complexe a été constatée par la police ou quand un particulier se plaint d'en avoir été victime en cas de crime. Il rassemble et examine les preuves de l'infraction et prend toutes les mesures utiles à la manifestation de la vérité. Le dossier d'instruction est constitué de copies des mesures prises.»

***(Interruption)***

Här Bodry, et gi Leit, déi net wësse wat d'Roll vun engem Untersuchungsriichter ass.

«Il procède à l'audition des témoins et aux interrogatoires et confrontations.»

Dann elo déi belsch Definitioun vum Untersuchungsriichter.

***(Interruptions)***

«Lorsque les faits sont très graves, le procureur du Roi fait appel au juge d'instruction. Celui-ci délivre alors un mandat d'arrêt. Dès lors, il devient le responsable de l'enquête, que l'on appelle alors «instruction» et qu'il dirige en travaillant soit avec la police judiciaire, soit avec la gendarmerie, soit avec le service judiciaire de la police pour préparer le dossier d'instruction.»

***(Interruptions)***

Dir meckert hei alleguerten, mä déi Deputéiert, déi hei fënnef Rapporte maachen, wa schonn de Rapporteur geschwat huet, dat ass bestëmmt net méi flott fir d'Leit, déi dobaussen d'Télee kucken.

M. le Président.- Neen, mä et soll een zum Gesetz schwätzen.

***(Interruptions)***

M. Xavier Bettel *(DP).*- Ech kommen elo zum Gesetz. Et kann ee sech och d'Fro stellen iwwert d'Plainten. Et ginn och Plaintë vu Leit gemaach, dat heescht wou eng Partie civile derbäi ass. Dat sinn der och ganz vill an do sinn der ganz vill dobäi, déi als abusives gesi ginn.

Ech hunn och um Internet gesurft an ech hunn einfach Surcharge a Juge d'instruction zesummegesat bei Google. Do fënnt een 1.660 Siten, wou d'Untersuchungsriichter sech iwwert ze vill Aarbecht beschwéieren. Ech hunn och en Artikel fonnt vum Jean-Baptiste Parlos, deen Untersuchungsriichter ass, an dee seet: «Une justice qui marche bien coûterait trop cher.» An da seet hien herno: «J'ai traité 200 dossiers en 1999, avec 20 personnes impliquées dans certains. Et on me confie dix nouveaux chaque mois.» An hien zitéiert de Coluche en invoquant ses horaires de travail: «Je suis à mi-temps, douze heures par jour.»

Här President, bei deem heite Gesetz kann ee sech awer och d'Fro stelle, ob et net opportun wär och eng Kéier d'Enquêten ze änneren a vläicht d'Obligatioune vum Enquêteur, zum Beispill beim Verhéier oder esou, ob déi net kéinten do asprangen. Dat wär och vläicht eng Saach.

Déi zweet Fro, déi ee sech ka stellen, hei steet dran, dass en Untersuchungsriichter fir dräi Joer genannt ass. De Prinzip ass jo normalerweis d'Inamovibilitéit vun de Riichter. A Frankräich, do steet et fest, kann een nëmme siwe Joer Untersuchungsriichter sinn. Hei am Text steet dran, dass een dräi Joer Untersuchungsriichter ka sinn an da muss et verlängert ginn. Et steet net ganz genau dra vu wiem a wéi dat décidéiert gëtt. Dat hätt ee vläicht kënne preziséieren.

Dat anert ass dat mat de Vizepresidenten. Ech hoffen, dass d'Cour an déi Vizepresidenten, déi elo genannt ginn, da premier Jugë sinn oder déi jo dann de Titel vu Vizepresident kréien duerch déi Nominatioun oder Vice-président actuel, déi dann hir Sectioun verloosse fir an de Cabinet d'instruction ze goen, dass et do net Zirkus gëtt tëschent dem Juge d'instruction directeur, deen dann en M5 ass, an dem Vizepresident, deen M4 ass, du point de vue grade, fir do ze wësse wie ganz genau de Chef ass. Bon!

Wéi gesot, den Text ass wichteg. De Cabinet d'instruction leeft iwwer mat der Aarbecht. Ech sinn zimlech iwwerrascht, dass de Bâtonnier an de Parquet vun Dikrech net gefrot hunn, fir och en Untersuchungsriichter méi ze kréien. Et schéngt net de Fall ze sinn. Op jidde Fall an der Stad ass et ganz wouer. Mir hunn et och bei verschiddenen Dossiere gesinn, datt d'Délaië vill ze laang sinn an dofir ass et och wichteg, dass d'Zuel vun den Untersuchungsriichter op 13 eropgesat gëtt.

Dës Regierung hat sech agesat, dass am Justizwiesen eppes géif gemaach ginn. Ech ka just hei soen, dass op menger lénker Säit, wou vill Onrou ass, net vill geschitt ass, mä an deene leschte véier Joer, wou mir mat an der Regierung sinn, ass vill geschitt.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Jo, géi nach e bësse surfen an den Internet.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur huet eis scho ganz detailléiert d'Gesetz erkläert. Dofir wëll ech just e puer Commentairen ofginn.

Et ass gutt, datt mer d'Zuel vun den Untersuchungsriichter erhéijen, mä ech géing awer soen et ass e „oui, mais", dee mer zu deem Gesetz wëlle ginn. Wuerfir? Well mer gesinn, datt mat där Zuel vu Riichter, déi mer elo hunn, d'Affäre relativ zügeg virugi bei de Juges d'instruction. Elo kommen der nach véier derbäi, mä et gesäit een, datt et op enger anerer Plaz blockéiert. Dat ass um Niveau vum Parquet. Et komme keng Affäre méi an d'Sëtzung, an ech mengen, wa mer elo nach zousätzlech Untersuchungsriichter bäikréien, wat jo u sech och gutt ass, da muss et awer och op där anerer Plaz virugoe bei deem, dee muss d'Affär fir d'Sëtzung preparéieren, an dat ass beim Parquet. An do blockéiert et augenblécklech. Dofir muss ee sech d'Fro stellen, ob een net e méi geziilte Suivi mécht vun den Affären, wéi se evoluéieren, datt een déi eenzel Resultater comparéiert an do méi liicht ajustéiere kann.

Et ass positiv, datt mer Leit astellen an der Justiz, global gesinn, mä et

kann net esou sinn, datt wa mer zousätzlech Riichter astellen et dann op enger anerer Plaz total blockéiert.

Ech wollt dem Justizminister dat just nëmme signaléieren, an datt hie sech vläicht iwwerleeë muss, ob hien net zu engem spéideren Zäitpunkt deen een oder deen anere vun dëse Poste vläicht beim Parquet bäimécht.

Ech wëll nëmmen drop hiweisen, datt beim Parquet économique, dat sinn e puer Donnéeën, déi elo virleien, eng Autorisation de faire le commerce sechs Méint an der Moyenne hänke bleift, bis zwee Joer, wa se e bësse méi komplex ass. Dat ass net normal. Dat beweist datt eng Surcharge de travail do ass.

Den zweete Punkt, an ech mengen, do wäert d'Regierung ons vläicht e puer Wuert kënne soen, ass, datt och bei deene Leit, déi mussen d'Enquêtë maachen, et jo net ëmmer de Juge d'instruction selwer ass, leider, hie kënnt villes méi maachen, mä datt et och bei der Police judiciaire läit an do wier ech frou ze wëssen, wat fir eng Moossnamen d'Regierung geholl huet fir deen Effectif do ze héijen. Ech weess, datt do verschidden Initiative lancéiert sinn, mä ech wier awer frou, wann d'Regierung ons kënnt soe wéi wäit mer do sinn.

Et ass wichteg, datt een hei an deem ganze Gefüge versicht der Aarbecht nozekommen, notamment bei der Wirtschaftskriminalitéit, déi ganz staark zougeholl huet hei am Land. Dat bedeit, datt verschidde Prozedure musse geännert ginn, dat bedeit, datt déi ganz Informatik vun onser Justiz muss duerchgekuckt ginn. Et kann net esou sinn, datt mer op där enger Säit Leit nach hunn, déi op engem Computer sëtzen, deen am DOS schafft an anerer am WINDOWS XP. Déi kënnen net méi matenaner communiquéieren. Dat ass grad wéi wann een näischt hätt. Et huet zwar jiddereen e Computer, mä d'Aarbecht kann net gemaach ginn. Et ass absolut wichteg, dass mer de Fonctionnement vum Justizwiesen nach eng Kéier duerchkucken, an dofir brauche mer méi detailléiert Chifferen, fir méi geziilt kënnen d'Resultater an de Fonctionnement vun der Justiz au vu vun deene Resultater ze verbesseren.

Dat gesot, ginn ech awer den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass fir mech e ganz wichtegt Gesetz, well et sech areit an eng ganz Rei vu Moossnamen, déi d'Regierung gemaach huet, fir datt d'Justiz soll besser mat de villen Aufgaben, déi se huet, eens kënne ginn. Mir kréien also duerch dëst Gesetz plus de pluriannuellë Programm fir d'Ausstaffëierung vun der Justiz dëst Joer zwee Untersuchungsriichter bäi, elo direkt am September an d'nächst Joer och nach eng Kéier zwee Untersuchungsriichter.

Domadder hu mer dann iwwert d'Zäitspan 1999 bis 2004 d'Zuel vun den Untersuchungsriichter méi wéi verduebelt, well mer haten der 1999 sechs a mir hunn dann am September 2004 13 Untersuchungsriichter. Dat ass also eng substanziell Augmentatioun vun der Zuel vun deene Leit, déi déi komplizéiert Affäre mussen traitéieren.

Et ass selbstverständlech, an de Rapporteur, den honorablen Här Sauber, huet op d'Suggestioun vum Statsrot higewisen, datt een dat hei net dierft eleng maachen, mä an enger gesamter Politik iwwert den Traitement vun deene komplexen Affäre muss gesinn. Selbstverständlech gesäit d'Regierung dat och esou a selbstverständlech, och éier de Statsrot déi Suggestioun gemaach huet, hu mer dorunner geschafft an dofir hu mer déi ganz Chaîne pénale, besonnesch bei deene komplexen Affären, reorganiséiert. Dat gëllt mat der Opstockung vum Parquet économique, déi an deene leschte Jore substanziell geschitt ass. Datt huet ze doe mat der Reorganisatioun vun der Police judiciaire un där den Innenminister Michel Wolter an ech an deene leschte Méint Stonnen a Stonnen dru geschafft hunn, an dat zitt mat sech dee Gesetzesprojet, dee mer haut heibannen diskutéieren.

D'Police judiciaire hu mer, an dat hu mer op enger Pressekonferenz duergestallt, esou reorganiséiert, datt se an Zukunft regelméisseg Réuniounen huet mat den Untersuchungsriichter fir besser d'Prioritéiten an d'Evakuatioun vun den Affäre kënnen ze diskutéieren. D'Direktioun vun der Police judiciaire gëtt ausgeweit vun haut dräi Leit op an Zukunft fënnef Leit. Déi fënnef Leit gi responsabel fir eng ganz Rei vun de Sektioune vun der Police judiciaire. Et kommen och nei Sektiounen an der Police judiciaire bäi, déi den neien Zorte vu Kriminalitéit Rechnung droen oder Kriminalitéitsformen, déi besonnesch spezialiséiert Personal brauchen. Ech denken un d'Kriminalitéit bei den neien Technologien, d'Kriminalitéit am Finanzsecteur, wéi Blanchiment, Finanzement vun Terrorismus, an esou weider an esou fort.

Dofir, et ass schonn e Gesamtprogramm, dee mer hei gemaach hunn, dee sech iwwer eng Rei Jore wäert auswierken a senge Resultater. Et bleift awer derbäi, an dat muss een och ëmmer erëm soen, datt et bei där ganz komplizéierter Kriminalitéit ganz oft muss laang dauere bis kënne Resultater erauskommen. Heiansdo froen d'Leit: „Firwat huet dee Prozess dann esou laang gedauert?" Mä et ass enorm schwiereg zum Beispill an enger komplizéierter Faillite frauduleuse, och wann een zéng Enquêteuren drop setzt, kënnen e Resultat ze fannen, aus e puer Grënn.

Éischtens emol well déi Strukturen oft esou komplex waren, datt et ganz schwiereg ass erauszefannen, wat do geschitt ass. Da kommen ëmmer erëm Voleten, déi Äntwerten aus dem Ausland verlaangen, wou et ganz schwiereg ass eng Äntwert ze kréien. An dat brauch alles eng Gesamtzäit, an da fënnt een nach heiansdo näischt eraus. Dat erkläert firwat no all deene Reformen och an Zukunft eng ganz Rei Prozesser wäerte laang daueren.

Dofir brauchen aner Prozesser vill manner laang, well et ginn eng Rei méi einfach Affären, wou d'Faitë liicht etabléiert sinn. Do brauch ee keng Police judiciaire, an do brauch ee keen Untersuchungsriichter. D'Police judiciaire, an dat hutt Der jo gestëmmt, oder déi, déi de Budget 2003 gestëmmt hunn, hunn hiren Accord dozou ginn, kritt dëst Joer schonn 20 Spezialiste bäi, virun allem Informatiker an Ekonomisten, fir an der Finanzkriminalitéit virunzekommen, an dee Programm wäert och iwwert déi nächst Jore weidergoen.

Mä, et geet wéi gesot net duer, datt ee bei der Police judiciaire eppes mécht, da muss een och eppes bei den Untersuchungsriichter maachen an dofir ass dëse Projet esou wichteg an dofir ass et och wichteg, datt mer dee Projet elo konnte stëmmen. Mir hunn en eréischt bei der Erklärung zur Lag vun der Natioun déposéiert. Ech sinn der Chamber dankbar, dass se en elo schonn traitéiert, well dat erlaabt der Regierung elo direkt de 16. September, wann d'Année judiciaire ugeet, zwee nei Untersuchungsriichter ze nennen.

Dofir muss een och nach eng Kéier drop hiweisen, besonnesch fir déi, déi ëmmer mengen et géif an der Justiz näischt geschéien, datt mer schlussendlech, wann ech dat hei derbäirechnen, an der Zäitspan vun 1999 bis haut, oder vun 1998 bis haut, wann ech meng ganz Amtsperiod bis elo kucken, iwwer 20 Riichter bäigesat hunn, niewent den inhaltleche Reformen, déi mer och gemaach hunn an déi zahlräich sinn, fir datt mer bei de Prozeduren e bësse méi schnell weiderkommen, woubäi een net all Prozedur kann änneren a wéi gesot, verschidden Affären dauere laang an dofir muss een och der Police an der Justiz d'Moyene ginn, fir dat ze maachen.

Dofir freeën ech mech elo schonn op déi Debatt, déi mer kréien, och iwwert déi Moyenen, wéi zum Beispill de partiellen oder totalen Anonymat bei den Zeienaussoen, well eng ganz Rei kriminell Affären an de Crime organisé kommen net weider, well zum Beispill d'Zeie fäerten auszesoen. Elo verstinn ech, datt dat a gewëssene Kreesser zur Opreegung féiert, an datt gemengt gëtt, mir géingen eis do um Mëttelalter inspiréieren, wa mer den Témoignage anonyme géingen aféieren.

Deene wëll ech alleguerte soen, datt se sech ieren. Mir inspiréieren eis do bei engem Gesetz vum Gouvernement Jospin aus Frankräich vun 2001, beim Gesetz vum Gouvernement Verhofstadt vun der Belsch vun 2001. Dat ass also eng diversifiéiert Form, wann all déi Regierunge soen, datt wa mer am Kampf géint d'Schwéierkriminalitéit wëlle virukommen, da musse mer eng ganz Rei nei Methoden aféieren. Dofir och kënnt, wéi de Statsminister an der Lag vun der Natioun ugekënnegt huet, e Gesetzesprojet iwwert d'ADN-Datenbank, wat och eng schwiereg Matière ass. Et gëllt do ëmmer den Equiliber selbstverständlech tëschent der Fräiheet, der Sécherheet, den Droits de la défense an de Grondrechter ze wahren. Doriwwer hätt ech also gären hei am Parlament an dobaussen eng intensiv Debatt an deenen nächste Joren.

An der Justiz muss eppes geschéien. Et ass eppes geschitt an deene leschte Joren. Hei ass erëm en neien Akzent, dee mer setzen, an dofir sinn ech frou, datt hei mat engem breeden Accord dëse Gesetzesprojet iwwert de Renforcement vun dem Cabinet d'instruction geschitt, méi Leit, och méi erfahre Leit an eng Unerkennung fir déi wichteg Roll, déi de Juge d'instruction directeur huet. Dofir soen ech dem Här Rapporteur, dem Här Sauber, an deenen anere Kolleegen, déi heizou geschwat hunn an hir Ënnerstëtzung ausgedréckt hunn, villmools merci fir de Vote vun dësem Projet.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5158 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 6 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen dann elo iwwert dee virleiende Projet of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui : Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Laurent Mosar), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Emile Calmes), John Schummer (par Mme Agny Durdu) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Marc Zanussi), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira et Jean Huss (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4863A iwwert d'Etablissements classés a vum Projet de loi 4863B iwwert d'Ëmweltverwaltung zesumme mat der Interpellatioun vum Här Camille Gira iwwert d'Kommodosgesetz. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Schank, Bodry, Calmes, Mehlen a Gira. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 4863A, den honorablen Här Emile Calmes.

## 3. 4863A - Projet de loi modifiant la loi du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

## 4863B - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 27 novembre 1980 ayant pour objet la création d'une administration de l'environnement

## Interpellation de M. Camille Gira sur l'application de la loi commodo-incommodo

***Rapports de la Commission de l'Environnement***

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech mam eigentleche Projet wëll ufänken, wëll ech an Erënnerung ruffen, datt d'Haaptzil vun deem Gesetz, wat mer haut diskutéieren, u sech ass d'Emissiounen an d'Athmosphär, an d'Waasser an an de Buedem ze limitéieren, ze vermeiden, respektiv erof ze setzen.

Et ass en Ëmweltgesetz par excellence. Et gëllt virun allem fir industriell Betriber, respektiv industriell Installatiounen awer och am Allgemenge fir all Zorte vun Etablissementer, déi en negativen Impakt op de Mënsch hunn, op de Mënsch, deen an deem Etablissement schafft awer och op de Mënsch, deen ëm deen Etablissement do wunnt, a selbstverständlech och den Impakt op d'Ëmwelt.

Well dat do alles, deemno wéi et geregelt gëtt an deenen eenzelne Länner, awer zu Konkurrenzverzerrunge ka féieren, huet d'Europäesch Unioun an deem Sënn Direktiven erausginn, fir dës Matière am grousse Ganzen ze harmoniséieren. Dat ass u sech och de Grond, firwat datt mer haut eist Kommodosgesetz mussen ëmänneren. Et geet nämlech bei deem Gesetz hei, wou ech Rapporteur sinn, haaptsächlech ëm d'Ëmsetze vun der sou genannter IPPC-Direktiv, eng Direktiv, op franséisch ausgedréckt, «relative à la prévention et à la réduction intégrée de la pollution».

Dat ass relativ schwéier ëmzesetzen, mä et geet ëm den integréierte preventive reduzéierende Schutz vun de Pollutiounen. Déi Direktiv hei soll a sech e generelle Kader setze fir eng europäesch Kommodosprozedur, an dat virun allem fir gréisser industriell Betriber. Et gëtt mer gesot fir Lëtzebuerg géif dat hei à peu près fir eng 30 bis 40 Betriber gëllen, déi ënnert dës sou genannt IPPC-Direktiv géife falen.

Déi Direktiv hei ass aus dem Joer 1996 an hätt eigentlech solle bis den 30. Oktober 1999 ëmgesat ginn. Déi lescht Regierung hat och gemengt si hätt dat gemaach mam Gesetz vum 10. Juni 1999. Dat war op d'mannst eent vun den Haaptobjektiver vun der Ëmännerung vun deem sou genannte Kommodosgesetz. Nieft dësem Gesetz war nach e Reglement dobäi, wat Prezisiounen zu där Direktiv hei sollt bréngen. Allerdéngs ass dat der Europäescher Kommissioun net wäit genuch gaangen an esou ass Lëtzebuerg de 24. Februar 2000 en demeure gesat ginn.

De Statsrot war der Meenung, datt déi Direktiv hätt missen ëmgesat si mat deem Gesetz vun 1999 an huet dofir de 14. Juli 2000 gemengt et soll ee vun deem Reglement do ofgesinn. Dat erëm eng Kéier huet d'EU-Kommissioun awer op d'Tapéit bruecht, déi eis en Avis motivé zoukomme gelooss huet, an zwar am Februar vum Joer 2001. Du war awer déi heiteg Regierung dann erëm emol ënner Zugzwang an huet de Projet 4863 hei deponéiert. Do sollt da versicht ginn iwwert den Artikel 8.3 d'legislativ Basis ze schafen, fir dann déi Direktiven hei komplett kënnen ëmzesetzen, nieft enger Modifikatioun vun der Administration de l'Environnement, wat jo herno awer als e sonnert Gesetz gemaach ginn ass.

Mä och dat huet de Statsrot nach net zefridde gestallt an a sengem Avis vum 10. Dezember vum leschte Joer huet hien eng Opposition formelle zu dësem Artikel 8.3 gemaach. Hien huet einfach gesot, datt net iwwer Reglementer ka versicht ginn ze reglementéieren. Dat soll wa méiglech a Gesetzer gemaach ginn. Doropshin huet d'Ëmweltkommissioun en Amendement erabruecht an deem Sënn, datt déi Dispositiounen, déi am Reglement opgrond vum Artikel 8.3 sollten ëmgesat ginn, direkt an den Artikel 13bis erageschriwwe gi sinn, fir domat dann eben déi Rechtssécherheet erbäizeféieren, déi vum Statsrot verlaangt ginn ass.

Wéi dat Gesetz déposéiert ginn ass war natierlech e Reglement dobäi fir déi IPPC-Direktiv ganz ëmzesetzen. Dat konnt jo du fale gelooss ginn, well d'Bestëmmungen, déi am Reglement stungen direkt an d'Gesetz erakomm sinn. Et war awer och nach e Reglement dobäi, wou d'Nomenclature festgesat ginn ass fir déi Zort vu Betriber do. An der Zwëschenzäit ass dat Reglement a Kraaft getrueden, an zwar de 7. Mäerz. Et war awer och nach en anert Reglement dobäi, wou d'Impaktstudiendirektiv aus dem Joer 1985 sollt ëmgeännert ginn opgrond vun enger Direktiv vun 1997. Op d'Direktiv vun 1985 kommen ech herno nach emol ze schwätzen. Wéi gesot, och dëst Reglement ass schonn de 7. Mäerz a Kraaft getrueden.

Dat Reglement behandelt speziell déi industriell Betriber an net Stroossebauprojeten, wou d'Regierung décidéiert hat dat iwwert e

gesonnert Gesetz ze maachen. Mä och do erëm eemol huet de Statsrot eng Opposition formelle erabruecht, an zwar a sengem Avis vum 3. Juni vun dësem Joer. Eng Opposition formelle, well hie mengt d'Egalité devant la loi wier violéiert. Hien huet och gemengt d'Sécurité juridique wier hei violéiert ginn an esouguer d'Liberté de commerce an industrielle géif hei violéiert ginn.

Iwwerdeems wou de Statsrot alleguerten déi Avisë geschriwwen huet, ass Lëtzebuerg da virun d'Cour de justice européenne zitéiert ginn, well mer déi virgenannt Direktiv net ëmgesat haten, a verklot ginn. Dir verstitt, datt mer elo hei tëschent Hummer an Amboss leien, an datt mer an där Matière hei musse virukommen, wat d'Ëmsetzung vun dëser IPPC-Direktiv ugeet.

Mir musse versichen aus deem Dilemma erauszekommen, an et war och dat wat d'Ëmweltkommissioun dozou gefouert huet dach awer virunzekommen am Dossier an eis dann iwwert déi Opposition formelle zum Artikel 13bis vum Statsrot ewechzesetzen an an éischter Lecture dat Gesetz hei virzehuelen, fir et dann herno bei der Rentrée nach eemol kënnen ze stëmmen.

De Statsrot huet déi Opposition formelle gemaach aus dräi Ursaachen.

Déi éischt ass déi, datt hie mengt mat engem Artikel 13bis wier de Principe d'égalité de vente violéiert ginn an deem Sënn, datt elo just de Betriber aus dem Artikel 13, dat heescht deenen, déi an der Annexe 3 vun der IPPC-Direktiv enthale sinn, nach kënnten Norme virgeschriwwe ginn an net méi deenen, déi opgrond vum Artikel 13 Autorisatioune kréien. Mir waren der Meenung, datt dat eng falsch Interpretatioun vum Statsrot ass an och eng falsch Lecture vun dësem Artikel, well jo am Fong geholl absolut näischt mat der Ëmännerung vum Gesetz um Artikel 13 geännert ginn ass an och fir déi Betriber, déi net ënnert déi IPPC-Direktiv falen, Norme kënne festgesat ginn.

Dat eenzegt wat ännert am Artikel 13bis ass, datt fir déi Betriber, déi an der IPPC-Direktiv dra stinn, eng Partie Exploitatiounskonditiounen obligatoresche Charakter kréien, déi keen obligatoresche Charakter fir déi aner hunn. Am Prinzip menge mer datselwecht. Mir menge just, datt de Statsrot eng aner Lecture vun deem mécht wat do ass.

Wéi gesot, de Statsrot mengt och, datt mer de Rechtssécherheetsprinzip hei violéieren, andeem datt hie seet, an dat ass am Fong geholl näischt Neies, dat huet hien och schonn zu deem Avis vum Gesetz vun 1999 gesot, wou hie seet, datt nëmmen hei kënnten Normen applizéiert ginn, déi opgrond vun engem groussherzogleche Reglement geholl gi wieren, déi dann op bestehend Gesetzer geholl géife ginn. Dat stong och zur Diskussioun beim Gesetz vun 1999. Mä do ass och an dësem Gesetz um Fong absolut näischt geännert ginn, bien au contraire. D'Regierung wollt mat der Aféierung vum Artikel 8.3 méi Rechtssécherheet erabréngen, wou de Statsrot dunn eng Opposition formelle gemaach huet. Déi Rechtssécherheet hoffe mer dann elo iwwert den Artikel 13bis erabruecht ze hunn.

Souwisou huet d'Jurisprudenz erwisen, datt de Minister kann Norme virschreiwen, déi net onbedéngt a Reglementer festgehale sinn. Dozou gesäit d'Gesetz dat vir. Et wier natierlech en Idealzoustand, wa mer Reglementer opgrond vu bestehende Gesetzer hätten, wou mer Norme géife festschreiwe fir alles, mä wa keng Normen do sinn, déi virgesi sinn a Reglementer, da kënne selbstverständlech och Normen applizéiert ginn, déi een an eisen Nopeschlänner erëmfënnt. Bon, do läit et dann natierlech un der politescher Appréciatioun aus wat fir Länner déi Normen hei geholl ginn oder net. Mä als fortschrëttlecht Land, mengen ech, solle mer vläicht dorëmmer kucke goe bei déi fortschrëttlech Länner, ouni domat awer eise wirtschaftleche Betriber grouss zouzesetzen.

Et gëtt dann och gemengt de Prinzip vun der Handels- an der Industriefräiheet géif hei violéiert ginn. De Statsrot mengt Restriktioune fir Betriber kënnten nëmme gemaach gi bedéngt duerch e Gesetz. Hie mengt, déi kënnten net duerch en administrativen Akt festgeluecht ginn. Dat ass méi e fundamentale Problem, deen och scho beim Gesetz vun 1999 opgeworf ginn ass. D'Tatsaach ass awer déi, datt de Minister iwwer Autorisatioune Restriktioune ka maachen, an datt dat keng Violatioun vum Handelsprinzip ass, well de Législateur him erlaabt Restriktiounen ze maachen, esou wéi se am Gesetz virgesi sinn, an dofir menge mer, wier och dëse Prinzip net violéiert.

Gläichzäiteg mat dësem Gesetz ass och en anert Reglement a Kraaft getrueden, déi sou genannt Impaktstudiendirektiv. Dat ass eng Direktiv aus dem Joer 1997, déi déi Direktiv aus dem Joer 1985 soll adaptéieren, eng Direktiv, déi d'Regierung an zwee gespléckt huet an deem Sënn, datt dat Reglement, wat am Kader vun dësem Gesetz hei ëmgesat gëtt fir industriell Betriber gëllt, an dat wat fir Stroossebauprojeten ass soll iwwer e sonnert Gesetz, wat d'Gesetz 4773 ass, ëmgesat ginn. Dat ass am Fong geholl och näischt Neies, well déi ursprünglech Direktiv aus dem Joer 1985, déi fir Stroossebauprojete gegollen huet, souwisou och schonn iwwert d'Fonds-des-routes-Gesetz ëmgeännert ginn ass...

***(Interruptions)***

…a versicht gesat ginn ass ëmzesetzen. Hei gëtt elo gemengt, et soll een déi zwou Ëmännerungen an dëst Gesetz eranhuelen, dat heescht iwwert d'Kommodosgesetz ëmzeänneren. Do ginn d'Meenungen auserneen.

Ech menge schonn, datt et gutt ass, datt déi Prozedur, an egal wou se gemaach gëtt, esou gemaach gëtt wéi se elo gemaach gëtt. Dat heescht, datt déi Impaktstudie am Kader vun der Diskussioun ëm d'Variantë vu verschiddene Stroossebau-, respektiv och Eisbunnsprojete soll gemaach ginn am Virfeld vun enger Décisioun, fir datt esou d'Regierung herno en connaissance de cause eng Décisioun kann huelen, wéi wann déi herno gemaach gëtt wann d'Décisioun gelaf ass an d'Leit ginn da just nach iwwer een Tracé gefrot. Ob dat elo iwwert dat Gesetz hei gemaach gëtt oder ob dat iwwer en anert Gesetz gemaach gëtt ass mir am Prinzip egal. Ech mengen, mir solle just hei Neel mat Käpp maachen an et soll ee versichen dat Gesetz dann deemnächst och iwwert d'Bühn ze kréien.

Dat waren déi zwou Haaptëmännerunge vum Gesetz vum Volet A, wat mer hei diskutéieren. Fir de Rescht verweisen ech op mäi Rapport. Dat ware méi redaktionell Ëmännerungen.

Mä och an Zukunft wäerte mer nach mat Ëmännerunge vun dësem Gesetz hei befaasst ginn. Den Ëmweltschutz ass och um europäeschen Niveau a konstanter a permanenter Evolutioun an dofir wäert dat hei net dat lescht sinn, wou mer eis driwwer ënnerhalen.

Trotzdeem an zum Schluss wëll ech dat nach emol ervirsträichen, datt dat hei dat beschten Ëmweltgesetz ass, wat mer kënnen hunn, fir preventiv ze schaffen, fir Betriber, déi haut aktiv sinn, awer och Betriber, déi an Zukunft heihinner wëlle kommen.

An deem Sënn géif ech dann och den Accord vun eiser Fraktioun zu der Ëmännerung vun dem Kommodosgesetz bréngen.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 4863B, den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Här President, dee Gesetzesprojet hei erhieft mat Sécherheet net den Usproch fir eng Gesamtreform vun der Ëmweltverwaltung duerzestellen. Et handelt sech éischter ëm e puer punktuell Adaptatiounen, déi awer ouni Zweifel sech opdrängen. Op Basis vun engem Audit, deen elo soll vun der Regierung an Optrag gi ginn, soll da gegebenenfalls méi eng Gesamtreform vun der Ëmweltverwaltung duerchgezu ginn.

Ech wëll ënnersträichen, datt dëse Projet net virgesäit fir de Personaleffectif vun där Verwaltung an d'Luucht ze setzen, mä mir sinn awer als Kommissioun der Meenung, datt et wichteg wär och hei eng gewëssen Adaptatioun virzehuelen.

A sengem Avis vum 10. Dezember 2002 hat de Statsrot eng Opposition formelle gemaach zu deem Gesetzesprojet, dee mäi Virriedner, den Emile Calmes, jo hei exposéiert huet, well eben deen Deel ëm d'Reorganisatioun vun der Ëmweltverwaltung och integréiert war an deen iwwert d'Etablissements classés. Mir hunn als Kommissioun dunn där Opposition formelle Rechnung gedroen a mir hunn dee Gesetzesprojet hei an zwee gedeelt. Et si wéi gesot eng Rei vun Ännerungen, déi hei proposéiert ginn.

Éischtens ass et emol esou, dass virgesinn ass, datt an Zukunft och de Poste vum Direkter, respektiv vum Directeur adjoint, vu Leit ka besat ginn, déi aus der iewechter administrativer Carrière kommen. Dat war bis elo net de Fall. Doduerch hiewe mer och eng gewëssen Diskriminatioun tëschent der technescher an der administrativer Carrière op a mir droen och dem Prinzip vun der Gläichheet Rechnung.

Op där anerer Säit ass et esou, datt d'Nominatioun op de Poste vum Direkter, respektiv Directeur adjoint net onbedéngt vu Kandidate muss geschéien, déi aus der Ëmweltverwaltung kommen.

Eng zweet Neierung ass dann d'Schafen, an dat ass u sech déi wichtegst Neierung an dësem Gesetz, vun enger Direction des établissements classés. De Moment hu mer an der Ëmweltverwaltung jo nieft der Division des eaux nach d'Division de l'air et du bruit an d'Division des déchets.

Déi intern Organisatioun begräift de Moment dann nach e Service des établissements classés. Allerdéngs huet just dee Service eng immens Envergure an deene leschte Jore ugeholl an et kann ee soen, dass ronn 40% vun de Leit, déi an der Ëmweltverwaltung schaffen, eben an dësem Service agestallt sinn. Et ass also justifiéiert, datt eben dëse Service elo duerch d'Gesetz verankert gëtt an och deementspriechend eng Direktioun gëtt, ëmsou méi, well och d'europäescht Recht an där doter Matière eng integréiert Approche préconiséiert.

An hirem Avis vum 20. Februar 2002 huet d'Chambre de Commerce och dee Virgank do begréisst a si preziséiert hei, datt zënter 1999 eng Amélioratioun festzestellen ass, wat eben elo den Traitement vun deene sëlleche Kommodosdossieren ubelaangt. Och d'Chambre des Métiers ënnerstëtzt d'Iddië vun dem Schafe vun enger Direction des établissements classés. Doduerch kéinten och d'Ëmweltinteressen an d'Wirtschaftsinteresse besser matenee koordinéiert ginn. Déiselwecht Téin kommen iwwregens aus dem Beräich vun der Privatbeamtekummer, well eben, wéi gesot de Kommodosservice entretemps esou eng Envergure ugeholl huet, wier et ouni Zweifel wichteg, datt een dëse Schrëtt elo ënnerhëlt.

Eng drëtt Neierung betrëfft déi verschidde Carrièrë bei der Verwaltung. Esou gëtt den Artikel 6 nei definéiert fir en och an Aklang ze brénge mam ëmgeännerten Harmoniséierungsgesetz vum 28. Mäerz 1986. Do, wou och d'Carrière vum Technicien diplômé besteet, gëtt eng Carrière vum Ingénieur technicien geschafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ëmweltverwaltung war jo bis elo och déi eenzeg Verwaltung, wou den Accès an de Grad 14 an der Carrière vum Ingénieur gebonne war un eng supplémentaire Formatioun vun engem Joer. Dat huet esou ausgesinn, datt ee gegebenenfalls e Kontrakt mam Stat gemaach huet, wou dann och de Stat zum Deel oder esouguer ganz fir déi zousätzlech Käschten opkomm ass. Mir sinn awer haut der Meenung, datt déi supplémentaire Formatioun do u sech net méi gerechtfäerdegt ass, ëmsou méi wéi gesot, datt et nach just d'Ëmweltverwaltung ass, wou déi doten Oplag besteet.

Da kann ee sech natierlech och d'Fro stellen, ob dat doten nach am Aklang ass mam Gesetz vum 28. Mäerz 1986, an dann däerf een och net vergiessen, datt haut jo eng vill méi pousséiert Ëmweltausbildung op den Universitéiten ugebuede gëtt. Dofir, wéi gesot, ass als véiert an och als wichtegst Änderung d'Ofschafe vun där supplémentairer Formatioun an der Ingénieurscarrière hei virgesinn, fir ebe kënnen dann an de Grad 14 ze avancéieren. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet och heizou e positiven Avis ofginn.

Zréckzebehalen ass och nach, datt dëse Projet keng Inzidenz op de Statsbudget huet, an datt och d'Inspection du travail et des mines duerch dëse Projet hei net direkt touchéiert ass. Vu dass et sech ëm wichteg Ännerungen handelt, och wann et e klenge Gesetzesprojet ass, fir d'Ëmweltverwaltung nach méi effizient ze gestalten, géing ech Iech bieden dann deem Projet hei Är Ënnerstëtzung ze ginn. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Interpellant, den honorablen Här Camille Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann Der mat mer d'accord wäert, da géing ech meng Zäit vun 20 Minutte vläicht e bëssen iwwerschreiden, dofir awer direkt d'Positioun vun deene Gréngen zu deenen zwee Projete mat abréngen, esou dass mer ënnert dem Stréch ganz vill Zäit aspueren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat e bësse Chance geet den Ëmweltminister Goerens an de Statssekretär Berger, geet dës Regierung an d'Geschicht vun der Ëmweltpolitik an. Neen, net duerch d'Reform vum Kommodosgesetz, mä doduerch dass Lëtzebuerg no Griicheland dat zweet Land gëtt, wat um europäesche Geriichtshaff zu enger deeglecher Geldstrof verdonnert gëtt, d'Strof wéinst der Net-Ëmsetzung vun der Impaktstudiendirektiv.

De Rapporteur Emile Calmes huet et scho gesot, mir si schonn eng éischte Kéier veruerteelt ginn an deem do Kontext am Joer 2002, an den 9. Juli, also d'lescht Woch, huet elo d'Kommissioun en zweeten Avis motivé geholl a wann a kuerzer Zäit d'Direktiv net ëmgesat ass, da gi mer fir d'zweet ugeklot an zu enger Geldstrof verdonnert. Bis haut läit awer nach, Här President, emol keen Avant-projet vir, fir dës Impaktstudiendirektiv um Niveau vun de Stroossen a vun den Eisebunnen, an Tëschenzäit sinn déi och dobäigetässelt ginn, ëmzesetzen, esou dass ech mech froe wéi d'Regierung där doter Verueerteelung wëllt entgoen.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, ass dës Situatioun net symptomatesch fir d'Ëmweltpolitik vun dëser Regierung? Si ass eiser Meenung no ganz einfach inexistent.

Et ass domat ugaangen, dass den Ëmweltministère esou vill Kompetenzen ewechgeholl kritt huet, dass den Här Goerens an den Här Berger just nach als politesch Eunuchen do stungen. An an deene Beräicher, déi nach bliwwe sinn, geschitt eiser Meenung no den absolute Minimum an dat meeschtens nëmmen op Drock vu Bréissel. Keng Spuer vun engem Versuch sech als Ëmweltministère horizontal Kompetenzen unzëeegnen. Keng Spuer vun engem Versuch aus der Roll vum schwaarze Péiter erauszewuessen an d'Roll vun de Visionären, déi mat wäitsiichtege Konzepter d'Leit matgerappt kréien op de Wee vu bluttnoutwendege gesellschaftlechen a wirtschaftleche Reformen. Wat bleiwe wäert an der Ëmweltpolitik vun dëser Legislaturperiod sinn zwee Règlements grand-ducaux iwwer alternativ Energien, mä déi sinn, wéi Der jo wësst, nach virun allem vun der Ëmweltkommissioun vun dësem Haus virgeknat ginn.

Kee Wonner dofir och, dass meng Interpellatioun, déi ech d'lescht Joer ugefrot hat, refuséiert ginn ass fir se dann an d'Debatte vun dëser Kommodosreform mat ze verschummelen. Ech hat dës Interpellatioun de 5. Mäerz d'lescht Joer no zwee an en engem hallwe Joer Applicatioun vum neie Gesetz iwwert d'Etablissements classés gefrot, well dat deemools och d'Meenung vun dësem Haus war. Wéi mer dat ganzt ëmstridde Gesetz votéiert hate war méi oder wéineger festgehale ginn, dass esou wéi mer 1992 en Hearing gemaach hunn iwwert d'Reform vun 1990 mer och probéieren no enger gewëssener Zäit e Bilan ze zéien iwwert e Gesetz wat jorelaang an de Schlagzeile stung, wou immens kontrovers diskutéiert ginn ass tëschent gewësse Lobbyen, déi ech lech hei net brauch opzezielen.

Dofir hat ech gehofft mir kéinten dee Bilan och no zwee an engem hallwe Joer maachen, fir ze kucken, ob d'Situatioun sech verbessert hätt, oder ob se sech verschlëmmert hätt oder wat een da misst änneren.

Wann een dee Bilan gezu gehat hätt, wier et jo och logesch gewiescht d'Konklusiounen aus dem Bilan an eng Reform afléissen ze loossen, déi mer souwisou, wéi hei scho gesot ginn ass, vun der EU-Kommissioun octroyéiert kritt hunn. Mä kee Wonner, dass d'Interpellatioun d'lescht Joer verworf ginn ass, well wat hätte mer d'lescht Joer bilanzéiert, wa mer bis haut nach net vill opzeweisen hunn. Kee Wonner, dass grad d'DP den Offenbarungseed net wollt leeschten, grad an engem Domän, dee jorelaang hiert Steckepäerd war.

Iwwer Joren a mat onzielbare Propositions de loi, Communiquéen, Pressekonferenzen a Grondsazpabeiere sinn den Här Grethen, den Här Calmes an den Här Graas net midd ginn den Handwierksleit, de Geschäftsleit, de Leit vun der FEDIL, jo zum Schluss esouguer de Leit vum Mouvement écologique dat Blot vum Himmel ze verspriechen. Wa mir bis do sinn, da gëtt alles anescht a villes besser. Et gëtt kloer Normen, kuerz Délaien an transparent Autorisatiounen. De Kommodo soll keng Schikan méi si fir déi wirtschaftlech Entwécklung. Neen, mir bréngen Ekologie an Ekonomie an Aklang.

Esou, Här President, huet et geklonge vun de Schéiwiedercumulussen erof. Haut mussen si vun hire bloe Wolleken erofklammen a feststellen, dass si soss näischt fäerdeg bruecht hu wéi e verreentene Stratushimmel. Well wéi gesäit déi gro Realitéit vum Kommodo aus?

D'Verwaltung ass net à même déi am Gesetz virgeschriwwen Délaien anzehalen. Zäite vu siwen, aacht, néng Méint sinn nach ëmmer gang und gäbe ier d'Leit gesot kréien hiren Dossier wier entweder net komplett oder ier den Dossier an d'Prozedur bei d'Gemenge ginn. Et ass méiglech, dass déi Délaië scho besser si wéi vläicht nach viru fënef, sechs Joer, ëmmerhin si jo eng Rei Leit an der Verwaltung dobäikomm. Ech stelle just un e puer Dossieren, déi ech perséinlech kennen an déi ech och erlieft hunn, fest, dass d'Verwaltung net à même ass, op jidde Fall bei allen Dossieren, dës Délaien anzehalen, well am Gesetz stinn net siwen, aacht oder néng Méint, mä do stinn 30 oder 45 Deeg. D'Verwaltung ass also permanent a villen Dossieren an der Illegalitéit.

De Statssekretär Berger hat dem honorablen Deputéierte Calmes am Ufank op eng bestallte Question parlementaire geäntwert, dass wéi d'DP de Ministère iwwerholl huet.

***(Interruption)***

Ech mengen awer, dass et esou war.

***(Interruption)***

Direkt am Ufank vun der Legislaturperiod hat den Här Calmes eng Fro gestallt wéi vill Dossieren dann en suspens wieren am Kommodo, an den Här Berger huet mat Freed d'Zuele relativ séier matgedeelt a gesot deemools wieren der 2.079 unhängeg gewiescht. Ech wëll froen: Wéi vill sinn et der dann haut?

Mä, Här President, an dat ass eppes wat eis och ganz wichteg ass, et geet net nëmmen ëm déi Demandë vun deenen neie Betriber. 1998 an deem Audit, deen deemools gemaach gi war, ass erauskomm, dass vu ronn 36.000 Betriber, déi mer deemools am Land haten, knapps en Drëttel dovunner eng Autorisatioun hat. Meng Fro an deem Kontext: Ass et och haut nach esou, dass zwee Drëttel vun de bestehende Betriber keng Autorisatioun hunn, wa mer déi nei Demanden emol nach net fristgerecht kënnen evakuéieren? Wann dat esou ass, an ech huelen un, dass et nach ëmmer esou ass, well wien hätt déi 24.000 Autorisatioune gemaach an deene puer Joer, an ech verstinn och, dass dat net machbar ass, dofir meng Fro awer: Gëtt et dann awer op d'mannst an der Tëschenzäit eng Lëscht vun deene Betriber, déi nach keng Kommodosautorisatioun hunn?

Wann dës eiser Meenung nach ëmmer onhaltbar Situatioun esou ass, dann ass dat sécherlech net, an dat wëll ech hei betounen, well déi 21 Leit am Service des établissements classés hir Aarbecht net géife maachen. Am Géigendeel, wann ee gesäit, dass nach ëmmer an der Moyenne, kann ee soen, pro Joer 1.000 nei Demanden dobäikommen, da wonnert ee sech, dass déi Délaien eigentlech net nach méi grouss sinn.

Mä wa mer bei der Zuel 21 sinn, do hunn ech mech awer och gefrot, dat sinn der jo sechs méi wéi 1998. Deemools waren der jo bekanntlecherweis 15 do. Dat sinn awer just déi sechs Leit, déi mer hei am Gesetz vun 1999 gestëmmt haten, dass d'Ëmweltverwaltung déi sollt bäikréien.

Hunn ech da richteg verstanen an heescht dat, Här President, dass dësen Ëmweltminister an enger ganzer Legislaturperiod et net fäerdeg bruecht huet ee Beamte weider ze kréie fir seng Verwaltung? Dat ass mer awer da wierklech e Rätsel, wann ech ebe weess wéi vill Dossieren nach do leien. Da si mer awer wäit ewech vun deem wat den honorablen Här Calmes deemools an der Diskussioun 1999 gesot huet. Deen huet geschwat vun engem Tripléiere vun den Effectifer an dëser Verwaltung, fir iwwerhaapt der Saach nozekommen.

***(Interruption)***

Här Calmes, liest Är Ried no vun 1999. Ech hu se nogelies.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Dir wäert dach net dem Här Goebbels säi Syndrom kréien!

***(Interruption)***

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG), interpellateur.-* Här Calmes, ech hunn Är Ried vun 1999 nogelies, esouguer zweemol, an do hutt Dir als Argument fir ze soe fir méi Leit an déi Verwaltung ze kréien, déi Chifferen do sinn am Audit vun 1998 erauskomm an Dir hutt hei…

***(Interruption)***

Här President, ech stellen hei Froen. Ech hunn am Rapport d'activité vun 2002 vum Ëmweltministère gelies, de Moment wieren 21 Leit am Service des établissements classés. Ech weess, dass 1998 15 Leit an deem Service geschafft hunn, an ech weess, dass mir hei 1999 ënnert der aler Regierung décidéiert hu sechs Leit bäizeginn. Här Calmes, an esou vill, mengen ech, kann ech nach rechnen, 15 plus 6 gëtt 21. Déi sechs Leit muss een nach där aler Regierung zegutt schreiwen. Dat ass meng Konklusioun an zumindest stellen ech d'Fro: Ass et richteg, dass ënnert dëser Regierung an ënnert dësem Ëmweltministère net eng Persoun frësch agestallt ginn ass am Service des établissements classés? Wa meng Rechnunge sollte falsch sinn, da kann de Statssekretär jo herno en long et en large eng Äntwert dorop ginn.

***(Interruption et hilarité)***

Dann eng Fro, Här President, déi wichteg ass a wat jo ëmmer an deene kontroversen Diskussiounen en Thema war, dat ass d'Zesummenaarbecht tëschent der ITM an der Ëmweltverwaltung.

Et ass richteg, wat de Statssekretär éinescht mer gesot huet, dass ëmmer erëm de Feeler gemaach gëtt, an ech mengen den Här Calmes huet en och gemaach, ech maachen en och, dat ginn ech ganz gären zou, dass fir eis d'Kommodosgesetz eigentlech haaptsächlech en Ëmweltgesetz ass. Et muss een awer drun denken, dass parallell d'Gesondheet an de Schutz vun den Aarbechter an Aarbechterinnen an deene Firmaë garantéiert gëtt. Eppes wat awer ëmmer diskutéiert ginn ass, dat ass, dass dat Hin an Hier tëschent ITM an Ëmweltverwaltung ëmmer nach géing zu Schwieregkeete féieren.

Den Här Calmes hat deemools esouguer an engem Äifer vu Verwaltungsreform a senger Proposition de loi virgeschloe fir déi zwou Verwaltungen zesummenzeleeën. Ech froe mech, Här President, firwat dass d'DP...

***(Interruption)***

Ma neen, dat ass total richteg, Här Calmes. Ech froe mech just firwat, wéi Der an d'Regierung komm sidd, amplaz…

***(Interruptions)***

Neen, Här Calmes.

***(Brouhaha général)***

Ech versti just net, Här President, wann eng Partei higeet a 40 Deeg virun de Wahlen eng Proposition de loi mécht, wou se seet si wéilt d'Ëmweltverwaltung stäerken andeem se responsabel wier fir de ganze Kommodo, an da 60 Deeg duerno, wa se a Koalitiounsverhandlunge sinn, genau de Géigendeel mécht an hëlleft lues a lues d'Kompetenze vum Ëmweltministère ofzeschafen, ech schwätze vum Waasserwirtschaftsamt. Ech weess net, ob de Koalitiounspartner esou grouss Problemer gehat hätt fir Är Proposition de loi deemools ëmzesetzen.

Wat mech awer elo interesséiert, dat ass: Wéi ass déi Zesummenaarbecht haut? Fonctionnéiert déi? Ech stellen och do an der Praxis fest, dass wann een en Dossier lafen huet, een heiansdo méintelaang schonn d'Autorisatioun vun där enger Verwaltung huet, ier een d'Autorisatioun vun där anerer kritt.

Ech muss lech soen, dass et schwiereg ass de Leit dobausse kloer ze maachen, dass op eemol am Reider en Avis steet, wou dra steet de Betrib XY huet d'Autorisatioun kritt, loosse mer soe vun der ITM, elo hutt Der 40 Deeg Zäit ze reklaméieren. Da kucken d'Leit sech dat un an dann e puer Méint drop hänkt erëm en aneren Avis am Reider, wou dra steet, aha elo huet deeselwechte Betrib d'Autorisatioun och vum Ëmweltministère kritt. Dat si Situatiounen, déi net einfach ze vermëttele sinn. Dofir wollt ech froen: Wéi ass insgesamt d'Zesummenaarbecht? Wier do net eng besser Koordinatioun méiglech? A wéi kéint dës Regierung sech eng besser Zesummenaarbecht an Zukunft virstellen?

Am Audit vun 1998 ass och ganz kloer erauskomm, dass d'Kontrolle vun den Autorisatiounen, déi erausgaange sinn, praktesch inexistent waren. An dat ass nach bal méi grave wéi déi aner Situatioun, well wat soll et eigentlech déi vill Aarbecht, déi 21 Leit sech maache fir do am Stress ëmmer erëm nei Autorisatiounen erauszeginn, wa kee ka kucke goen. Ech hunn och am Rapport d'activité vun 2002 keng Statistik iwwer Kontrolle fonnt.

Heescht dat, Här President, dass nach wie vor Kontrollen inexistent sinn, ausser vläicht wa Reklamatioune kommen? Ech wollt och froen, et gëtt eng Recommandatioun vum Europaparlament an der Kommissioun vun 2001, wéi eigentlech Kontrolle missten duergefouert ginn, dass do e Plang misst gemaach ginn, deen och de Leit zougängeg wier. Wéi ass et mat där Recommandatioun? Hält Lëtzebuerg sech dodrun? Ech erënneren drun, dass ëmmer erëm bei gréissere Betriber permanent Konflikter entstinn. Ech brauch nëmmen d'Beispill Kronospan ze huelen. Do si permanent Diskussiounen tëschent dem Betrib, der Gemeng, de Leit, déi do wunnen. Do huet een dat Gefill, dass permanent Autorisatiounen net agehale ginn. Wéi ass et? Ginn esou Betriber regelméisseg kontrolléiert? Wéi dacks? A wat geschitt, wann si hir Saachen net anhalen?

Dann eng Fro: Wéi ass et a wéi wäit si mer mat den Demandes-type fir déi eenzel Secteuren? Ech hunn där eng ganz Rei gesinn. Dat ass begréissenswäert. Kann een do ofschätze wéini mer do um Enn vum Tunnel ukomm sinn, bis ee praktesch fir all Nummer, oder zumindest loosse mer soe fir déi, déi regelméisseg erëmkommen, et gesäit ee jo e bëssen an de Statistike wéi eng Betriber ënnert de Kommodo regelméisseg falen, eng Demande-type huet? Wéi wäit si mer do? Wéi wäit si mer mat enger ganzer Rei vu Règlements granducauxen, déi gebraucht gi fir d'Klass 3?

Dann eng Fro zum Rôle vum CRTE an der Wierklechkeet. An deene ganzen Diskussiounen iwwer Normen a meilleures technologies disponibles ass jo e bëssen 1999 dëse Centre de Recherche esou als Deus ex Machina op eemol hiergeholl ginn a gesot ginn: Bon, do probéiere mer déi ganz Problemer ze léisen. Ech hunn am Rapport d'activité gelies, wat dëse Centre mécht. Ech muss lech awer ganz éierlech soen, dass mer aus deem, wat do dra steet, net ganz kloer ginn ass wat dann elo aus deem Rôle vum CRTE an der Wierklechkeet ginn ass. Ech wollt och froen: Wéi vill Leit schaffen iwwerhaapt an deem Centre a wéi ass d'Zesummespill vun deem Centre de recherche mat deene Problemer, déi regelméisseg bei Kommodosautorisatiounen optauchen?

Ech hunn aus deemselwechte Rapport d'activité net erausgelies, ob iwwerhaapt iergendee Betrib bestehend Instrumenter wéi EMAS/Ökoaudit an esou weider notzt. Wann ech gutt am Bild sinn, hu mer nach ëmmer nëmmen ee Betrib zu Lëtzebuerg, deen iwwerhaapt en Ökoaudit gemaach huet.

Ech hat dat Gefill tëschent den Zeilen am Rapport d'activité ze liesen, dass och déi steierlech Instrumenter, déi mer jo hunn, kaum genotzt ginn. Grad dat do si jo awer Politikinstrumenter, déi d'DP op hire Fändel geschriwwen hat, an zu Recht géing ech soen. Wéi sinn awer hei d'Resultater? Ass et net esou, dass an der Verwaltung, respektiv um Ministère eigentlech keng Beamten a Beamtinnen do sinn, déi sech kënnen intensiv mat där Problematik do befaassen? Mir wësse jo alleguerten, dass et net duergeet, souguer net fir Betriber, esou Instrumenter ze schafen, esou steierlech Incitatiounen hei beim Budgetsgesetz ze stëmmen, wann do net eng offensiv Politik gemaach gëtt, eng Sensibiliséierung, da bleift dat alles Lettre morte. Mir schéngt et esou ze sinn, dass dës Instrumenter Lettre morte bliwwe sinn, an dat ass wierklech bedauerlech.

Da meng Fro: Wéi ass et mat gewësse problematesche Substanzen oder Phenomeener? Eng Saach ass jo Betrib fir Betrib Autorisatiounen ze ginn an och vläicht Betrib no Betrib ze kontrolléieren. Dat anert ass awer sech eng Strategie ze ginn an engem Punkt, wou ee weess, dass systematesch Problemer optauchen.

Ech hu gelies, dass d'Asbestdossieren zum Beispill vu Joer zu Joer zouhuelen. Huet dës Regierung, huet d'Ëmweltverwaltung eng Iddi, huet se eng Strategie fir ze soen elo waarde mer net ëmmer erëm bis iergendwou gerappt gëtt an op eemol, oh, Katastroph, Leit kommen a soen hei ass Asbest, elo musse mer eng Sanéierung maachen? Si Moyenen do, mënschlecher a finanzieller, fir zum Beispill am Beräich Asbest emol eng Bestandsopnam ze maachen, da vläicht eng Strategie ze maache fir ze kucke wéi mer deem Phenomeen bäikommen?

Ech weess, dass an der Zäit emol esou eppes gemaach gi war mat de PCBs-Trafoen, wat ech eng flott Approche fonnt hunn, net ze waarde bis dee leschten iergendwou eng Kéier Feier gefaangen hätt, mä dass een am Virfeld preventiv virgaangen ass a gesot huet elo entsuerge mer déi do. Ech mengen, dass et héich Zäit géing ginn, wa mer gesinn, dass praktesch all puer Méint ëmmer erëm iergendwou eng Meldung kënnt an et heescht elo ass erëm Asbest an iergendengem Gebai, dass mer zum Beispill an esou engem Secteur géinge méi offensiv virgoen an eis eng Strategie ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech mengen, nodeem wat ech hei duergeluecht hunn, dass Der mer Recht gitt, dass et net nëmme gro ass um Kommodoshimmel, dass nach laang net d'Sonn schéngt, neen, et reent deelweis nach riicht eran, wann ee feststellt, dass keng Kontrollen existéieren, an dass nach ëmmer esou vill Betriber keng Autorisatioun hunn.

A leider, an da kommen ech zu eiser Positioun zu deenen zwee Gesetzer, hu mir net dat Gefill, dass déi zwee Gesetzer, déi mer haut stëmmen, déi mer hei virleien hunn, gëeegent si fir méi Opklärung an dee Beräich do ze brénge. Dofir wäerten déi Gréng och déi zwee Projeten net stëmmen.

Déi Gréng hunn och d'Gesetz vun 1999, dat vun den Etablissements classés, net gestëmmt aus enger Rei Ursaachen: keng Verbesserung fir d'Ëmwelt, d'Rechter vun de Leit goufe beschnidden, d'Gemengen eleng gelooss, keng offensiv Ausriichtung vun der Ëmweltpolitik an d'EU-Direktive goufen net korrekt ëmgesat.

Leider, muss ech soen, hu mer an enger ganzer Rei vun deene Bedenken, déi mer geäussert hunn, Recht kritt. Et gesäit een, dass d'Verwaltung ëmmer méi oft Nofroe vu Leit kritt, fir d'Dossieren ze kréien. Dat huet menger Meenung no domat ze dinn, dass mer vläicht awer ze vill Betriber an d'Klass 3 a 4 getässelt hunn, wou d'Leit iwwerhaapt näischt méi gewuer gi vun deem, wat leeft. Op eemol mierken si awer, dass eng Aktivitéit an hirer Noperschaft ass an da ginn se op d'Gemeng, a wann déi dann net uerdentlech hir Dossierë klasséiert, da landen d'Leit schlussendlech bei der Ëmweltverwaltung, wat erëm d'Aarbechten ophält. Mä et ass natierlech dat legitiimt Recht vun de Leit dës Informatiounen ze kréien. Mir hu jo eng Législatioun dozou. Mä dat bestätegt awer e bëssen dat, wat mir 1999 gesot hunn.

Et war net esou, dass keng Prozesser méi virum Verwaltungsgeriicht gewiescht wieren. Mir als Gréng sinn awer frou, dass eis Positioun éischter do bestätegt ginn ass, wéi anere Leit hir. D'Jurisprudenz seet ganz kloer, dass et wuel engem Ëmweltminister säi Recht ass, fir eenzelne Betriber a spezifescher Situatioun och extra Autorisatiounen erauszeginn. Dat war jo mat deen Haaptsträitpunkt deemools am Virfeld vun 1999. Glécklecherweis, musse mir soen, deit d'Verwaltungsgeriicht sech do zur gudder Säit aus a seet, dat muss machbar sinn, et muss nach e Pouvoir discrétionnaire vun engem Minister ginn, soss brauche mer kee méi. Dat ass sécherlech ze begréissen.

Mir sinn awer och ganz frou, dass an engem Dossier, der Jurisprudenzclause vun der Gemeng Bieles, wou et ëm eng ganz Zon gaangen ass, ebe grad bei der Kronospan, d'Verwaltungsgeriicht eiser Approche, déi mir erëm haten, Recht ginn huet a gesot huet, et geet net duer, dass een Emissiounswäerter fir Betriber festleet, mä den Ëmweltminister muss och d'Recht hunn Emissiounswäerter festzeleeë fir eng ganz Industriezon. Wann hei scho Betriber sinn, déi immens vill Kaméidi maachen, da kann hien esouguer eng Autorisatioun refuséiere fir e Betrib, dee vläicht per se eng gewëssen Norm anhält, mä wann deen awer dann nach bei deen anere Betrib kënnt, da gëtt dat ze vill. Da sinn d'Emissiounswäerter vum Kaméidi zum Beispill net méi tolerabel vis-à-vis vun de Leit.

Dat ass an eisen Aen eng ganz wichteg Jurisprudenz an et freet eis Recht ze kréien. Do hu mer eminent Matcher mam Här Strotz, deen elo leider net hei ass, gefouert, deen ëmmer behaapt huet dat wier net méiglech, dat wier net denkbar. Ech mengen, dass och do de Statsrot falsch louch wéi hien an déi dote Richtung gaangen ass. Dat ass, mengen ech, eng wichteg Jurisprudenz a mir freeën eis doriwwer.

An dann hu mer, an dat hunn ech schonn erwähnt, ech brauch net nach eng Kéier an den Detail ze goen, total Recht kritt wéi mer deemools gesot hunn, dat Gesetz géing beileiwen net duergoe fir EU-Direktive korrekt ëmzesetzen. Ech wëll dat awer nach eng Kéier hei am Detail maachen, well ech et einfach e Skandal fannen.

An 18 Joer hunn déi verschidde Regierungen, déi verschidde Majoritéiten et net fäerdeg bruecht eng Direktiv vun 1985 ëmzesetzen. A mat all deenen eminente Juristen a Juristinnen, déi hei an deem Haus sëtzen, déi an de Verwaltunge sinn, soll jo awer kee mer erziele kommen, et wier bis elo nach net méiglech gewiescht e Wee ze fannen, fir och d'Impaktstudiendirektiv fir d'Stroossen ëmzesetzen. Mir sinn eis eens, dass dat e bëssen en anere Wee vläicht muss si wéi fir en normale Betrib, dat ass och net eise Problem, mä et hätt misse méiglech sinn an 18 Joer e Wee ze fannen, fir dat doten ëmzesetzen.

Mir sinn der Meenung, dass sech hei virun allem déi verschidden Ëmweltministeren net géint d'Stroossebaulobby duerchgesat hunn. Ech hunn awer och net dat Gefill, dass déi hei zwee Ëmweltministeren oder Statssekretären et géinge fäerdeg bréngen dee Match do ze packen. Eleng d'Tatsaach, dass et net méiglech ass dee Projet an der Ëmweltkommissioun ze behandelen, mä dass dee vun der Travaux-publics-Kommissioun soll behandelt ginn, fannen ech net korrekt. Bei der Impaktstudiendirektiv geet et net ëm d'Travaux publics. Do geet et ëm den Intérêt vun der Ëmwelt, an ech mengen dat wier de Minimum, dee misst geschéien, mä bis op weiteres hu mer jo nach kee Projet de loi.

Här President, mir hunn net dat Gefill, dass déi kleng Reform, déi hei gemaach gëtt, déi virun allem jo wéi gesot emol eng Altlastenbeseitegung, wat d'EU-Direktive vun 1999 ubelaangt, ass, déi aner Bedenken, déi mir haten, aus der Welt schaaft. Zumindest, mengen ech, ass awer an der Ëmweltkommissioun probéiert ginn an och mat Erfolleg eng Rei Réckschrëtt, déi am éischten Entworf vun dësem Gesetz waren, ze verhënneren.

Mir haten 1999 den zweete Volet vum Gesetz iwwert d'Reform vun der Administratioun gestëmmt, well do esouwuel d'ITM wéi d'Ëmweltverwaltung sechs Leit bäikritt haten. Déi Gréng hunn zwar och deemools gesot, dat geet net duer mat deene Leit, mä zumindest war dat en éischte Schrëtt an déi richteg Richtung. Dës Kéier gëtt emol net eng Persoun agestallt, dobäi huet de Statssekretär selwer an der Sitzung vum 19. Mäerz 2002 zouginn, dass nach ëmmer e Personalmangel do ass.

Här Berger, Dir rëselt de Kapp. Ech kann Iech de Bericht vun der Sitzung vum 19. Mäerz 2002, deen zumindest Är Fraktiounskolleegen déi Kéier drop fir richteg gehalen hunn, weisen, wou Der zougitt, dass nach ëmmer e Personalmangel do ass.

Dat wësse mer och aus der Situatioun, an dofir, well elo net am Gesetz eppes ass, wéilt ech hei, Här President, Iech eng Motioun iwwerreechen, wou mer weider Leit fir dës Verwaltung fuerderen, wou mer awer och eng Persoun fuerdere fir de Ministère, déi endlech de Lien tëschent Ekologie an Ekonomie géing maachen.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant qu'en matière de procédure commodo/incommodo l'administration de l'environnement n'est pas en mesure de respecter les délais prévus dans la loi sur les établissements classés;*

*- considérant qu'il y a de centaines de dossiers de demandes d'autorisations en suspens;*

*- considérant que le contrôle des établissements classés est pratiquement inexistant;*

*- considérant que les instruments existants, tel l'audit environnemental ou des incitations fiscales, sont peu utilisés;*

*- considérant qu'il faut faire de l'administration de l'environnement un instrument de politique préventive et non seulement normative;*

*- considérant qu'il faut mieux assurer le lien entre les domaines de l'économie et de l'environnement;*

*invite le Gouvernement*

*- à augmenter les effectifs de l'administration de l'environnement;*

*- à engager au niveau du Ministère de l'environnement un/e économiste chargé(e) du dossier économie&écologie.*

*(s.) Camille Gira, François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss, Renée Wagener.*

Mä och qualitativ si mer mat dëser Reform net d'accord. De Statssekretär huet eis fir den Hierscht en Audit vun der ganzer Ëmweltverwaltung ugekënnegt. Mir versti wierklech d'Logik net, elo eng kleng punktuell, an hiren Aen, Reform ze maachen, an dann duerno en Audit ze maache fir ze kucke wéi dann eng grouss Reform vun enger Ëmweltverwaltung sollt sinn.

Och d'Manéier wéi dës Reform gemaach ginn ass, muss ech soen, passt eis net. 1998 ass ëmmerhin nach d'Direktioun vun deenen zwou Verwaltunge geruff ginn, fir mat deenen ze diskutéiere wéi dann eng Reform kéint ausgesinn, wéi vill Leit géinge gebraucht ginn. Dat huet trotz nodrécklechem Wonsch vum Här Bodry a vu mir dës Majoritéit dës Kéier refuséiert. Dat ass wierklech e gutt Beispill vun Dialog an Transparenz musse mer soen.

Elo gëtt gesot, mir maache just eng kleng Reform, mir maachen hei e Service des établissements classés. Op den éischte Bléck schéngt engem dat eng gutt Saach ze sinn, wann een awer méi genee kuckt, da stellt een awer dat fest, wat de Mouvement écologique, mengen ech, an engem ganz gudden Avis zu dësem Projet gesot huet, hei gëtt en Zwitter geschaf.

Entweder ass dee Service des établissements classés reng administrativ an e suergt dofir, dass déi Délaien agehale ginn, dass déi Dossieren an déi richteg Servicer ginn, fir do beschafft ze ginn, oder et ass wierklech e Secteur iwwergräifende Service, deen all Kompetenzen huet fir dës Demandë vun Aarbechtszäit ze behandelen.

Or, hei gëtt eppes dertëschent geschaf, well si sollen sech ëm den administrativen Oflaf këmmeren, et weess een awer, dass se um Niveau vum Personal, wat d'Bestockung vun Ingénieuren an esou weider ubelaangt, net d'Kompetenz hu fir sämtlech Dossiere ganz ze maachen. Dann hu mer jo wierklech en Zwitter geschaf an ech menge mir sinn eis eens, dass all Zwitter an enger Verwaltung keng gutt Léisung ass. Hei si mer och wäit ewech vun den héijen Usprëch vum Här Calmes, esou Är Proposition de loi vun 1999, déi nach ganz aner Saache virgesinn hat als Reform vun dëser Verwaltung.

Mä och an deem Kontext nach e puer Froen. Wéi ass et mat enger Division de l'énergie, wann ee weess, dass d'Energie wäert déi grouss ëmweltpolitesch Erausfuerderung vum 21. Jorhonnert sinn, wann ee weess, dass mer, an et gëtt jo ëmmer méi kloer, Krempes wäerten hu Kyoto anzehalen? Da wier et grad néideg eng gutt ausstaffiert Division de l'énergie an der Ëmweltverwaltung ze hunn, fir scho bei der Source bei neie Betrib dofir ze suergen, dass wierklech e Maximum vun Energie kéint agespuert ginn. Wéi ass et mat enger Division analytique mat engem ordentleche Labo? Alles Fuerderungen, déi an der Proposition de loi vun 1999 stungen, wouvu mer awer näischt erëmfannen.

Dann eng Suggestioun, déi ech 1999 schonn an d'Diskussioun bruecht hat: Wéi wier et mat enger Regionaliséierung vun der Ëmweltverwaltung, wa mer, wéi ech éinescht gesot hunn, wëssen, dass et mat Gesetzer an Normen net duergeet, mä dass mer Sensibiliséierungsaarbecht maache mussen? Et freet ee sech, ob een net parallell zu enger Regionaliséierung vun der ITM och eng Regionaliséierung vun der Ëmweltverwaltung sollt maachen, fir dass d'Leit no bei hire Clienten, se kéinte mat der Hand huelen an eng Rei Saachen ëmsetzen.

A schlussendlech: Wéini kënnt endlech e politesche Beamten oder eng politesch Beamtin an de Ministère fir de Lien tëschent Ekologie an Ekonomie ze maachen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vun dëser Interpellatioun awer och zur Positionéierung vun deene Gréngen zu dësen zwee Gesetzer. Déi zwee Gesetzer sinn e Spigelbild vun der gesamter Ëmweltpolitik vun dëser Regierung, ouni Saaft an ouni Kraaft, ouni Ambitioun an ouni Visioun, ouni Konsequenz an ouni Duerchsetzungsverméigen. Et ass net méi an net manner wéi eng méi oder manner schlecht Ëmsetzung vun EU-Direktiven, mä bei dëser Regierung ass ee frou, dass an der Ëmweltpolitik wéinstens nach eng Rei Impulser vu Bréissel kommen, soss géinge mer nach de Risiko lafen e Réckfall an d'70er Joren ze erliewen.

Ech soen Iech merci!

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marco Schank agedroen. Den Här Schank huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Marco Schank *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als éischt wollt ech mengen honorable Kolleegen, den Häre Emile Calmes a Gusty Graas, merci soe fir déi zwee excellent schrëftlech a mëndlech Rapporten am Kontext ebe vun deenen zwee Projeten, déi mer haut diskutéieren, dem Projet de loi 4863A fir d'Ëmännerung vum Gesetz vum 10. Juli 1999 iwwert d'Etablissements classés, respektiv dem Projet de loi 4863B fir d'Ëmännerung vum Gesetz vum 27. November 1980 iwwert d'Schafe vun enger Ëmweltverwaltung.

Ech ginn elo net weider op d'Virgeschicht vun der Reform vum Kommodosgesetz an, besonnesch och am Kontext vun der Transpositioun vun den Direktiven IPPC an den Etudes d'impact, dat huet de Rapporteur virdru scho gemaach. Effektiv bedeit de Projet de loi 4683A net eng fundamental Reform vum Gesetz vun 1999. D'Zil vun der Regierung ass et villméi déi national Législatioun mat där communautairer Législatioun conforme ze maachen.

Den éischten Avant-projet, dat ass och scho gesot ginn, dee virun allem technesch Dispositiounen enthalen huet, war virun zwee Joer ausgeschafft ginn, dat deemools no enger éischter Verwarnung vu Bréissel. Den 2. Februar 2001 huet d'Europäesch Kommissioun Lëtzebuerg matgedeelt, datt d'Gesetz vun 1999 an de Projet fir e Règlement grand-ducal d'Direktiv IPPC nëmmen deelweis géifen ëmsetzen. Sechs Méint méi spéit huet d'Europäesch Kommissioun décidéiert fir d'Cour de justice ze saiséieren an no de Recommandatiounen aus dem Avis vum Statsrot huet dunn d'Regierung beschloss d'Gesetz vun 1999 ze amendéieren an de Projet de loi 4863 ass ausgeschafft ginn.

Dir erënnert Iech drun, datt de Projet ursprünglech vun dräi Projets de règlements grand-ducaux begleet gouf. D'Haaptiddi war déi, fir den Artikel 8.3 an d'Gesetz vun 1999 bäizesetzen, an deen dann d'Basis bilt fir déi integral Transpositioun vun der Direktiv IPPC.

Ech wollt nach eng Kéier drun erënneren, datt no engem Avis vum Statsrot d'Ëmweltkommissioun a senger Sëtzung vum 10. Dezember décidéiert huet fir de Projet 4863 an zwee ze deelen an an deem Punkt och dem Statsrot ze suivéieren. Dat am Kontext ebe vun der Modifikatioun en vue vun enger integraler Transpositioun vun där Direktiv.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Ee Wuert nach zu deenen dräi Reglementer, och dat ass scho vum Rapporteur gesot ginn. Den éischten ass hifälleg ginn, well d'Kommissioun décidéiert hat fir net op de Wee vum Artikel 8.3 ze goen, wéi et am Fong ursprünglech vun der Regierung proposéiert gi war.

Déi aner zwee Reglementer, an dat ass och gesot ginn, esouwuel deen iwwert d'Etablissements classés wéi och deen iwwert d'Impaktstudien, mat alle béid dem Datum vum 7. Mäerz 2003, sinn an der Tëschenzäit a Kraaft getrueden. Bei deem éischte geet et ëm d'Integréiere vu groussen industriellen Anlagen an Aktivitéiten an déi national Législatioun an och ëm eng Rei Ännerungen an der Nomenclature. Deen zweete Reglement schreift sech an an eng zukünfteg Politik vun der Preventioun am Kontext Ëmweltschutz. Et sinn zwou Kategorië geschafe gi vun Anlagen, déi eng, déi d'office eng Etude d'impact musse maachen, an anerer, wou eng Evaluatioun vum Stat gefrot gëtt.

Vläicht op dëser Plaz e Wuert iwwert déi kontrovers Diskussiounen an der Chamberkommissioun iwwert d'Ëmsetzung vun der Impaktstudiendirektiv am Kontext vu Stroossebauprojeten. Deeler vun der Oppositioun hunn des Öfteren drop higewisen, datt e spezifeschen Traitement vu Stroossebauprojeten, also an engem separate Gesetz, net gerechtfäerdegt wier. Och de Mouvement écologique huet an enger Stellungsnam gefuerdert, datt d'Stroossebauprojeten ee fir allemol sollten an d'Kommodosgesetzgebung integréiert ginn.

Ech erënneren drun, datt de 14. Februar 2001 vun der Regierung schonns en entspriechende Gesetzesprojet deponéiert gi war, ebe fir eng spezifesch Ëmsetzung vun der Impaktstudiendirektiv fir Stroossena Schinnennetzer. Deemools huet de Statsrot a sengem Avis, dat war den 3. Juli 2001, drop higewisen, datt ee kee separat Gesetz sollt maachen, mä d'Stroossen- an d'Schinnennetzer an d'Kommodosgesetzgebung integréiere sollt. De Statsrot huet deemools och gemengt, datt d'Gesetz vun 1999 mat sengen entspriechenden Exécutiounsreglementer déi eenzeg Referenz iwwert d'Etablissements classés soll duerstellen, also eng Aart Droit commun.

An enger vun eise Kommissiounssëtzungen, dat war am Januar dëst Joer, huet de Statssekretär Eugène Berger dozou Stellung geholl. Hien huet eis gesot, datt op Initiativ vum Ëmweltministère en interministeriellen Aarbechtsgrupp mat där Fro chargéiert gi war. Dëse Grupp ass dunn zur Iwwerzeegung komm, fir d'Impaktstudiendirektiv net iwwert de Biais vun der Kommodosgesetzgebung ëmzesetzen.

Ee vun de Grënn war, datt d'Kommodosprozedur et dem Public, virun allem ebe bei grousse Stroossebauprojeten, eréischt géif relativ spéit erlaben Asproch anzeleeën. A vu datt een der Öffentlechkeet de Recours scho misst ganz am Ufank vun enger Diskussioun, zum Beispill enger Variantendiskussioun, méiglech maachen, géif sech eng spezifesch Gesetzgebung imposéieren. Dëser Argumentatioun huet d'Regierung sech ugeschloss.

Wa meng Informatiounen elo richteg sinn, huet de Ministère vun den Travaux publics an der Zwëschenzäit e Projet ausgeschafft. Dee Projet ass och scho virugaangen op de Ministère des Transports, ebe wéinst de Schinnennetzer, an en ass scheinbar nach net vun do zréck. Perséinlech sinn ech der Meenung, datt dëse Projet méiglechst séier soll déposéiert ginn.

Wat d'Amendementer vun der Ëmweltkommissioun ubelaangt, wëll ech nach just vläicht op den Amendement 4 agoen. D'Kommissioun huet do beim Artikel 1 en neie Punkt „h" bäigesat, dee seet, datt déi kompetent Verwaltunge sech informéiert halen iwwert d'Evolutioun vun de beschtméiglechen Technologien. Et gëtt virgesinn, datt d'Ëmweltverwaltung chargéiert gëtt fir Elementer zur Verfügung ze stellen, dat ass och e wichtege Punkt, fir en Inventaire vun de wichtegsten Emissiounen opzestellen, respektiv och den Echange vun Informatiounen iwwert d'Grenzen ewech ze maachen.

A sengem Avis complémentaire vum 3. Juni 2003 huet de Statsrot dräi Oppositions formelles formuléiert, op déi de Rapporteur virdrun agaangen ass. Ech komme just kuerz drop zréck.

De Statsrot argumentéiert hei éischtens mam Prinzip vun der Gläichheet virum Gesetz, awer och mat enger noutwendeger Kohärenz vu Virschrëften am Ëmweltberäich mat der Sécurité juridique a mat der Fräiheet vun Industrie a Commerce. Fir d'Kommissioun ass et däitlech gewiescht, datt all Etablissement classé de Conditions d'exploitation ënnerläit, an dat fir d'IPPC-Etablissementer, déi grouss, aus der Annexe 3, wou obligatoresch musse Betribskonditiounen imposéiert ginn.

Hei ënnerläit, der Meenung vun der Kommissioun no, de Statsrot engem Iertum, ëmsou méi datt de Statsrot an d'Auteurë vum Projet eigentlech därselwechter Meenung sinn, datt all Etablissement classé muss Betribskonditiounen ënnerleien.

Bei den Oppositions formelles 2 an 3 soulevéiert de Statsrot méi fundamental Froen, op déi de Législateur duerch d'Adoptioun vum Gesetz vun 1999 schonn eng Äntwert ginn huet. D'Kommissioun huet och dës Opposition formelle deemno als net fondéiert ugesinn.

Här President, d'Zil vun der Direktiv, ëm déi et hei geet an déi op enger integréierter Approche baséiert, besteet doranner fir den Impakt vu schiedlechen Emissiounen an d'Atmosphär, an d'Waasser an och an de Buedem ze évitéieren, respektiv esou kleng wéi méiglech ze halen. Datselwecht gëllt natierlech och fir d'Produktioun vun Offäll aus Industrieanlagen. D'Applicatioun vun der Direktiv integréiert sech selbstverständlech an d'Gesetzgebung vun deene leschte Jorzéngten, déi stänneg evoluéiert huet, zum Schluss, wéi gesot, mat dem Gesetz vum 10. Juni 1999 iwwert déiselwecht Etablissements classés.

De Rapporteur seet a senge Konklusiounen, datt duerch dës Evolutioun, zesumme mat der Transpositioun vun der Direktiv, déi mer haut virhuelen, den Ëmweltschutz eng ëmmer méi staark Bedeitung kritt. An deem Kontext ass d'Ëmweltkommissioun och der Meenung, datt eis Entreprisë verstäerkt mussen incitéiert gi fir hir Produktiounsprozesser no ekologesche Kritären auszeriichten an doraus e Qualitéits- an och e Publicitéitsargument ze maache fir op de Mäert dobausse kompetitiv ze bleiwen.

Ech wollt dann awer och nach drop hiweisen, datt d'Kontrolle vun den Oploen dacks net zefriddestellend sinn. Och dës Reform ännert näischt dorunner. Hei misst vläicht zousätzlecht Personal agestallt ginn, well dat bescht Gesetz ass zum Scheitere veruerteelt, wann eng seriö Ëmsetzung net gewährleescht ass.

Här President, wat elo de Projet de loi fir d'Ëmännerung vum Gesetz vum 27. November 1980, also iwwert d'Schafung vun enger Ëmweltverwaltung, ugeet, erënneren ech drun, dass an der Kommissiounssëtzung vum 23. Januar jo décidéiert gouf dat Gesetz an zwee ze splécken. Am initiale Projet war am Artikel 3 virgesinn, datt den Direkter vun der Verwaltung vu vireran aus de Reie vum Verwaltungspersonal misst rekrutéiert ginn. Och wann dëst sécherlech an der Regel de Fall mag sinn, ass dës Aschränkung am Kader vun engem Gesetz net sënnvoll an de Statsrot huet proposéiert dëse leschte Saz ze sträichen, deem d'Kommissioun Rechnung ge-

droen huet. Iwwregens ass par rapport zum Texte initial, esouwäit ech mech erënneren, allen Textpropositioune vum Statsrot Rechnung gedroe ginn.

Dëst gëllt deemno och fir den Artikel 6, fir deen nach vläicht just ze ernimmen, am Zesummenhang mat deene verschiddene Carrièren, déi innerhalb vun der Administratioun virgesi sinn.

Virun allem awer gëtt an deem neie Gesetz eng Division des établissements classés kreéiert. Dëst ass méi wéi gerechtfäerdegt. De Rapporteur huet zu Recht a sengem schréftleche Rapport drop higewisen, datt dëse wichtege Service an deene leschte Jore stänneg gewuess ass an de Moment méi wéi 40% vum ganzen Effectif duerstellt. D'Kommissioun hat och an enger vun hire Sëtzungen de Constat gemaach, datt der Administratioun Leit feelen - ech hunn dat scho kuerz gesot. Och de Statsrot huet a sengem Avis säin Aval fir eng Verstäerkung vum Personal an der Verwaltung ginn, wat dëse Projet elo hei net virgesäit.

An dësem Zesummenhang wollt ech och déi Fro stellen, déi virdru mäi Virriedner scho gestallt huet, ob een net eng Kéier sollt drun denken, fir eng zousätzlech Divisioun ze schafen, nämlech am Beräich vun der Energie. Esou wéi eng Division des établissements classés stänneg u Bedeitung gewënnt, esou wäert och den Aspect vun der Energiepolitik ëmmer méi wichteg ginn, net fir d'lescht, mir hunn dat schonn dacks hei gesot op dëser Tribün, opgrond vu Kyoto a senge Beschlëss, déi sech doraus erginn. Hei ginn et eben och, ech wollt dat nach eng Kéier däitlech soen, fachlech-technesch Aspekter, déi wichteg sinn.

Menger Meenung no wier d'Ëmsetzung vun engem Klimaschutzplang op jidde Fall an Zukunft méi einfach mat enger enspriechender Divisioun innerhalb vun der Verwaltung.

Här President, eng vu menge Konklusiounen ass déi, datt eng Politik vun der nohalteger Entwécklung eng vernetzten Approche an der Ëmweltpolitik braucht. Ech mengen, datt déi aktuell administrativ Strukturen an der Ëmweltverwaltung net genuch den Erausfuerderunge vun enger nationaler a virun allem och internationaler Ëmweltpolitik Rechnung droen, notamment wat eng Ekonomiespolitik ubelaangt, oder och, wéi scho gesot, erneierbar Energien. Ech sinn och der Meenung, datt et wichteg ass verstäerkt den Akzent op eng Politik vun der Preventioun ze setzen. Ech sinn esouguer der Meenung, datt eng Ëmweltverwaltung progressiv iwwert den einfachen Rôle vun de Genehmegungsprozeduren eraus e reelle Partner fir déi ekonomesch Acteuren an och Privatpersoune gi misst.

Ech géif mengen, datt et sënnvoll wier, dat ass schonn ugeklongen, datt an noer Zukunft en Audit vun der Ëmweltverwaltung realiséiert gëtt, deen d'Zil huet fir vläicht och méi eng vernetzte Struktur opzebauen. Sënnvoll wier a mengen Aen eng Struktur, déi eben eng integréiert ekologesch Politik verfollegt, wëll soen, déi verschidden Domäner an der Verwaltung: Loft, Waasser, Offall an esou weider vernetzt. Donieft misst een och d'Noutwendegkeet analyséieren, fir d'Verwaltung mat neiem Know-how ze dotéieren, ebe just och wann een den Akzent op eng Politik vu Preventioun a Kooperatioun wëllt leeën.

Wat d'Délaien ubelaangt hunn ech mer soe gelooss, datt duerchwees an der Administratioun eng zügeg Beaarbechtung stattfënnt, sauf vläicht eenzel Ausnahmen, an ech ginn och dovunner aus, datt den Här Statssekretär eis herno eng Partie Zuelen an deem Kontext wäert liwweren.

Et kënnt ee sech vläicht e Méi u Berodung nach wënschen, eventuell datt och méi Règlements-type ausgeschafft géife ginn. Datselwecht gëllt fir d'Standardrecommandatiounen, virun allem och fir kleng Anlagen a Betriber.

Lassgeléist elo vun der Verwaltung, och an de Beruffschambere géif ech mer méi Ëmweltberoder nach wënschen, an dat net nëmmen am administrative Beräich, mä eben och am Beräich vum Know-how.

Här President, no dëse Konklusioune wollt ech dann och den Accord vu menger Fraktioun fir déi zwee, a mengen Aen, ganz wichteg Projets de loi bréngen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Schank. Den nächste Riedner ass den Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, haut de Moie sollen am Fong dräi Mécke mat engem Schlag geschloe ginn, hu mer dach um Menü vun dëser Debatt dräi Punkten. Op där enger Säit eng Ofännerung vum Kommodosgesetz fir déi europäesch Direktive komplett an eist nationaalt Recht ëmzesetzen. D'Ofännerung vum Kadergesetz iwwert d'Ëmweltverwaltung a schliesslech huet d'Majoritéit och décidéiert eng scho méi laang ugefroten Interpellatioun vum gréngen Deputéierten Här Gira mat ze integréieren, iwwert d'Uwendung vum Kommodosgesetz vun 1999.

Ech bedaueren, dass mer dat mussen ënnert dëse Konditioune maachen, well u sech hätt, wéi dat och 1999 hei am Plenum festgehale gi war, d'Wichtegkeet vun der Applicatioun vun eiser Gesetzgebung, wat d'Etablissements classés ugeet, et bedéngt, datt een dat anescht preparéiert hätt, am Fong mat zousätzlechem Zuelematerial, mat zousätzlechen Debatten, déi een hätt kënne mat direkt concernéierte Kreesser féieren, wéi dat wat mer hei veranstalten.

Dat do gëtt op jidde Fall, a mengen Aen, keng Orientatioun wéi et soll weidergoen, well einfach Grenddonnéeë feelen an esouguer vun der Majoritéit an der Kommissioun refuséiert ginn ass, dass mer kënnten d'Direktioun vun der Ëmweltverwaltung héieren zur Reform vun hirer eegener Verwaltung. Dat ass e ganz exceptionellë Virgank. Dat war 1999 net esou, well dat ware Partneren, déi grad bei den Aarbechte vun der Chamber mat implizéiert ware vum Ufank bis zum Enn.

Ech hunn also den Androck, dass hei haaptsächlech vun der Regierungssäit probéiert gëtt dës Projete schnell duerchzekréien. Ech weess, dass de Rapporteur selwer net esou begeeschtert war fir nach elo an der leschter Sitzungswoch hei an der Chamber dës zwee Regierungsprojeten duerchzebréngen, wou mer jo an engem Fall konfrontéiert si mat Oppositions formelles vu Säite vum Statsrot, wat also bedéngt, datt mer et héchstwahrscheinlech esouguer bei engem Text hei nëmme mat der éischter Lecture wäerten ze doen hunn.

E succulenten Detail bei deem Ganzen ass, an dat huet meng Lecture vun den Debatte vun 1999 mer nach eng Kéier an Erënnerung geruff, ech wäert herno am Detail nach dorobber zréckkommen, dass d'Regierungspartei vun haut, d'Demokratesch Partei, d'Partei vum Ëmweltminister a vum Ëmweltstatssekretär, an alle Froen, déi mer haut diskutéieren, sief et bei der Reform vum Kommodosgesetz, wéi och bei der Ännerung vum Gesetz iwwert d'Ëmweltverwaltung, eigentlech proposéiert dat ze maachen, wat d'DP 1999 veruerteelt huet.

Net eng Iddi, déi vum Spriecher vun der Demokratescher Partei, deemools dem Här Calmes, hei duergeluecht gouf, ass iwwerholl ginn an de Regierungstext. Neen, d'Regierung geet esouguer nach méi wäit, si schléit eigentlech vir just de Contraire vun deem ze maachen, wat se sengerzäit très kritiséiert huet. Si verbrennen dat, wat se sengerzäit ugehimmelt hunn, a si himmelen haut u wat se sengerzäit verdaamt hunn. Ech wäert am Detail mat Zitater, wann et gewënscht ass, ganz gären dat do beleeën. Do ginn et jo och Gesetzespropositioune vun der Demokratescher Partei, déi dat ganz kloer ausweisen, déi och emol net zréckgezu sinn, déi also nach an der Diskussioun sinn. Ech wäert mer eng Freed draus maachen op déi dote Froen nach am Laf vu menger Interventioun zréckzekommen.

Ech wëll also a menger Ausféierung, am Numm vu menger Partei, fir d'éischt eng Rei vun allgemengen Iwwerleeunge maachen iwwert d'Applicatioun vum Kommodosgesetz, e puer Froen och an deem Zesummenhang un d'Regierung stellen an dann e bësse méi op eenzel Aspekter vun deenen zwee Gesetzesprojeten agoen, déi mer hei ze diskutéiere kréien, a wou ech och an engem Punkt en Amendement am Numm vun eiser Fraktioun abrénge wëll.

Loosse mer zréckkommen zum Gesetz vun 1999, wat eng ganz laang legislativ Gestatioun hat. Et ware ganz kontrovers Diskussiounen, déi iwwer laang Jore mat allen interesséierte Milieuen - vläicht manner tëschent de politesche Parteie während där ganzer Zäit, dat huet sech éischter am Plenum ofgespillt -, mat de Wirtschaftskreesser op där enger Säit an den Ëmweltassociatiounen op där anerer Säit, gefouert goufen. Et war de Versuch vun der deemoleger Regierung, an dat schéngt dës Regierung jo och net a Fro ze stellen, well op deem Punkt gëtt keng Ännerung proposéiert, en Equiliber ze halen, dee mer schonn am viregte Gesetz vun 1990 haten.

Et ass drëm gaang fir d'Essenz ze behalen, dat heescht, dass mer hei en Ëmweltschutzgesetz hunn, dat awer gewësse wirtschaftlechen Donnéeë muss Rechnung droen. D'Betriber mussen sech kënnen op eng gewësse Rechtssécherheet stütze bei der Schafung vun neie betriblechen Aktivitéiten an och d'Recht hunn, fir a gewëssen acceptablen Délaien hir Demandë kënnen traitéiert ze kréien.

Dofir ass déi Reform 1999 gemaach ginn. Et ware sengerzäit eigentlech véier verschidden Haaptzilsetzunge mat deem neie Kommodosgesetz vun 1999 verbonne ginn.

Éischtens wollte mer eng Vereinfachung vun de Prozeduren, do wou et méiglech an do wou et sënnvoll war. Mir wollten eng Beschleinegung vun den Décisiounsprozeduren, do wou et noutwendeg war. Mir wollten öffentlech Unhéierungen an all deenen Dossieren, wou méiglech Betraffener sech dozou musse kënnen direkt äusseren an hir Awänn kloer maachen. Dat wollte mer erhalen. Also bei alle Betriber, wou vun der Aktivitéit hir esou Nuisancë kënne bestoen, sollt eng öffentlech Unhéierungsprozedur bäibehale ginn, déi och herno afléisst an déi Décisioun, déi déi zoustänneg Regierungsstellen ze huelen hunn.

Mir wollten awer och, an dat war haaptsächlech eng Fuerderung vun de Milieux professionnels, méi Rechtssécherheet kréien, doduerjer dass sollte Règlements-type ausgeschafft ginn, doduerch dass sollten Norme festgestallt ginn, doduerch dass och Zilsetzungen, wat d'Loftqualitéit, wat d'Buedemqualitéit ugeet, sollte festgeluecht ginn, an deem Beräich sech dann d'Autorisatiounsgewalt vun den zoustännege Stellen, Ëmweltminister respektiv Aarbechtsminister, konnt kundtun, jiddfereen natierlech a sengem eegenen zoustännege Beräich, déi kloer vunenee getrennt gi sinn.

Wat jo nei war, dat war, dass mat där heiter Reform och definitiv d'Haaptkompetenz eigentlech op d'Säit vun dem Ëmweltministère, respektiv der Ëmweltverwaltung komm ass, wat virdrun net de Fall war, wou d'Gewerbeinspektioun eigentlech am Fong e bëssen d'Administration pivot vun deem ganze Kommodo/Inkommodo war. Dat war also d'Grondzil.

Den Här Strotz huet mech deemools gefrot, fir dass een no zwee Joer eng objektiv Analys sollt maachen. Et muss ee sech haut d'Fro stellen: Wéi huet sech dat doten an der Praxis elo bewahrheitet? Sinn déi Zilsetzungen erreecht? Si se ganz erreecht ginn? Sinn se deelweis erreecht ginn? Ech mengen, dat misst eigentlech haut als Quintessenz e bëssen aus eiser Diskussioun erauskommen. A wa se net erreecht gi sinn, wat ass nach ze maachen? Wéi gesäit et op deem dote Plang aus an nächster Zukunft? Knapp véier Joer sinn an d'Land gaangen. Dat Gesetz ass den 1. Januar 2000 a Kraaft getratt.

Wat ee muss soen, an den Här Gira huet dat scho luewenswäerterweis ervirgehuewen, dat ass, dass bei der Reform vun 1999 e Feeler net widderholl ginn ass, deen 1990 gemaach ginn ass, wou mer eigentlech och eng wesentlech Etapp an der Kommodosprozedur ëmgeännert haten. Et ass 1999 ënnert der viregter Regierung Suerg gedroe ginn duerch e Gesetz vum 12. Mee 1999, dass déi zwou zoustänneg Verwaltungen, d'Ëmweltverwaltung fir hire Beräich an d'Gewerbeinspektioun fir hiren, sollte mat zousätzlech forméiertem Personal ausstafféiert ginn, well mer einfach deemools festgestallt hunn, dass dat eng Grondvirausetzung wär.

Duerfir ass vun dëser Chamber, wéi gesot, nach virun deene leschte Wahlen décidéiert ginn, dass déi zwou Verwaltunge jeeweils sechs zousätzlech Poste sollten hors Numerus clausus zur Verfügung gestallt kréien. Fir d'Ëmweltverwaltung waren et zwee Posten an der ieweschter Carrière, dovunner een an der neier Carrière vum Attaché de direction, dräi an der mëttlerer Carrière an ee Posten an der Carrière vum Expéditionnaire technique. Dat sinn also sechs zousätzlech Posten, déi 1999 bewëllegt gi sinn.

Ech hunn den Androck, dass leider deen Effort do net fortgeschriwwe ginn ass an deene Joren duerno: 2000, 2001, 2002 an 2003. Dat si véier Joer, wou beschtefalls eng bis zwou zousätzlech Persounen an déi Verwaltung erakomm sinn. An dat ass weiderhi ganz kloer, dat ass an der Moyenne vläicht null bis en hallwe Poste pro Joer. Et ass keng Regierungsperiod ginn, wou esou mann Personal bäikomm ass wéi an dëser Regierungsperiod. Hei ass also, mengen ech, dem ganzen Ëmweltsecteur net de richtege Stellewäert bäigemooss ginn. Hei ass eigentlech verfeelt ginn, fir och vun der materieller Säit hier déi néideg Viraussetzungen ze schafen, dass déi Gesetzer kënnen an der Praxis korrekt ëmgesat ginn.

„Rechtssécherheet", „Enn vun der Willkür vun der Verwaltung", dat waren d'Sloganen, déi benotzt gi si vun eenzelne Wirtschaftskreesser, déi awer och d'Demokratesch Partei net midd ginn ass ëmmer erëm hei an der Chamber ze dréinen, „Willkür vun der Ëmweltverwaltung". Schlësselpunkt sollt sinn d'Festleeung vu verbindlechen Ëmweltnormen iwwer Règlement grand-ducal, wat Loft, Kaméidi, Waasser an Offall ugeet. Dat steet am Gesetz. Dat ass an den Debatte gesot ginn an dat steet och ausdrécklech am Regierungsprogramm vun CSV an DP vum August 1999. Dat ass deen eenzeg konkrete Punkt, deen am Beräich Kommodo dra steet, de formellen Engagement verbindlech Normen hei zu Lëtzebuerg anzefëieren an deene Beräicher, déi ech opgezielt hunn, also a sämtleche wichtegen Ëmweltmedien, fir dass kënnt Rechtssécherheet anzéien.

D'DP als Oppositiouns-Partei hat dat virun de Wahlen och gesot. Ech froen also, ob dee Punkt vun der Regierung ëmgesat gouf. Ech gi mer d'Äntwert. Dee Punkt ass net ëmgesat ginn. Vu Regierungssäit schwätzt zënter Jore kee Mënsch méi iwwert d'Festleeung vun Normen am Ëmweltberäich. Wann een d'Argumenter vun deemools géif huelen, da géif ech also soen, logescherweis draus schléissen, dass déi Willkür, déi sengerzäit ugeprangert ginn ass, nach muss weidergoen, well iwwer Règlements grand-ducaux esou Normen an deenen dote Fachberäicher net agefouert gi sinn.

Wat besonnesch beängschtegend a mengen Aen ass, dat ass, datt awer zumindest wat den Offall, de Buedem ugeet a besonnesch wat d'Loft och ugeet fäerdeg Texter do luchen, déi ech zum Deel och schonn diskutéiert hat mam Statsrot, wou et also einfach gewiescht wär déi an déi Prozedur eranzeginn. Dat ass net geschitt. Déi sinn an iergendengem Tirang verschwonnen. Lëtzebuerg huet also, obwuel dat helleg versprach ginn ass vun dëser Regierung 1999, nach wie vor, ausser wann et sech ëm d'Ëmsetzung vun europäeschen Texter handelt, keng verbindlech TA-Abfall, TA-Luft, TA-Wasser, wéi dat an anere Länner de Fall ass.

Et gëtt also punktuell, wéi dat virdrun d'Praxis war, vu Fall zu Fall sech normalerweis un däitsch Normen, eventuell och an exceptionnellë Fäll un aner Norme gehalen. Mä dat war eben dee Punkt, deen ugeprangert ginn ass vun de Spriecher vun der Demokratescher Partei hei, vun der Wirtschaft 1999, dee Punkt, dee während Joren hei ëmmer erëm gewälzt ginn ass an allen Tounlagen, an et ass näischt vun deem ëmgesat ginn.

Ech wëll nach eng weider Fro stellen, och do fäerten ech, dass ech d'Äntwert direkt ka matliwweren: Wéi steet et mat de Reglementer wat d'Etablissementer vun de Klassen 3, 3A an 3B ugeet? Och do war am Interesse vun der Rechtssécherheet gesot ginn, well an déi nei Klasse ganz vill Etablissementer erakomm si bei der Reform vun 1999, dass u sech d'Prescriptions générales géife festgeluecht ginn iwwer Règlement grand-ducal, an dass dann awer de Minister d'Recht hätt vu Fall zu Fall, jee no der Situatioun eng Adaptatioun oder e Complément zu deene Prescriptions générales festzeleeën. Och do ass a véier Joer näischt passéiert, entgéint deem formellen Engagement, dee sengerzäit geholl ginn ass. Och do hu mer net méi Rechtssécherheet kritt, well déi Hausaufgab, déi am Gesetz steet, net gemaach ginn ass.

Eppes besser, dat wëll ech soen, steet et wat d'Ausaarbechtung vu sou genannte Formulaires-type bei eenzelnen Demanden ugeet. Dat steet ausdrécklech am Gesetz vun 1999 dran. Och dat war eng Neierung, déi dra komm ass, wou gesot ginn ass, et ass wichteg, dass de prozedurale Wee esou einfach wéi méiglech gemaach gëtt. D'Verwaltung soll also dohinner goen an an deene sëlleche Beräicher, wou eigentlech regelméisseg Demandë kommen, sou genannte Formulaires-type ausschaffen, fir de Betriber am Fong de Gang duerch déi Prozedur do ze vereinfachen.

Ech hu gelies wat an deem Beräich geschitt ass. Do ass lues a lues, do si vu Joer zu Joer eenzel Beräicher dobäikomm. Elo mierken ech awer, ech mag mech ieren, esouwäit ech dat aus dem Rapport d'activité kann erausliesen, dass zum Beispill an engem wesentleche Beräich, am Beräich vum Handwierk, dat momentan nach net schéngt de Fall ze sinn. Grad d'Handwier-

ker waren et awer, déi ëmmer insistéiert hunn, dass fir hir Betriber, déi an d'Klass 3, 3A oder 3B falen, dat geschéie misst. Ech denken do un d'Schräinereien, un d'Seeëreien, un d'Botzereien an un d'Usträichinstallatiounen. Dat sinn Demanden, déi regelméisseg virkommen, déi d'Handwierk direkt betreffen an do schéngt et mer nach net esou wäit ze sinn, datt déi Formulairetypë kommen.

Mä grad esou wichteg, mengen ech, ass et, dass een net nëmme Formulaire-typë mécht, mä, an dat war och eng Fuerderung, déi zréckbehale ginn ass, datt een och Autorisation-typë mécht, dass een also och de Leit seet dat sinn d'Konditiounen, déi mer normalerweis virschreiwe bei där Zort vu Betriber.

Dat war e formellt Engagement, wat sengerzäit geholl ginn ass, an ech hu villes gelies iwwer Formulaires-type, mä ech hunn an deene Rapports d'activité, zumindest vum Ministère, sief et, dass se net komplett sinn, näischt gelies, dass e groussen Effort gemaach gi wär, wann iwwerhaapt, am Beräich vun den Autorisations-type. An dat deckt sech mat där Kritik, déi ech hunn, dass déi Règlements grand-ducaux net geholl gi sinn, déi déi Prescriptions générales solle fir bestëmmte Kategorië vu Betriber hei festschreiwen.

Ouni Donnéeën - dofir kann ech hei nëmme Froe stellen - sinn ech, wat d'Délaien ugeet. Dat war jo eng kontrovers Neierung, déi 1999 agefouert ginn ass, wou gewosst war, dass et schwiereg géif ginn, fir déi Leit an de Verwaltungen, déi sech mat deenen Dossieren ofginn, déi doten Délaien ze respektéieren. Et ass ganz kloer, dass eng Adaptatiounsperiod néideg ass, wann ee vun haut op mar deen dote System ännert.

Dat sinn éischtens emol Délaien an deenen d'Verwaltung muss soe bis wéini, dass en Dossier komplett ass, an dann zum Schluss kommen natierlech och Délaien, dat hänkt vun den eenzelne Klassen of, vun 90 Deeg, vu 60 Deeg, nodeem eigentlech den Dossier zréck an der Verwaltung ass, am Regelfall no enger Prozedur bei de Gemengen, wou da muss eng Décisioun geholl ginn.

Do ass am Rapport d'activité leider an deene leschte Jore keng Indicatioun iwwert d'Durée dra gewiescht. Ech hunn och keng Indicatioun fonnt iwwert déi Autorisatiounen, déi erausgaange sinn, nëmmen iwwert d'Demanden, déi enregistréiert gi sinn. Do wär ech frou, wann dat vläicht bei deem nächste Rapport d'activité kënnt complétéiert ginn. Et war op jidde Fall opgrond vun deem Zuelematerial, wat engem als Deputéierten normalerweis zur Verfügung steet, net méiglech sech do e méi genaut Bild iwwert dat Ganzt ze maachen. Ech si mer och sécher, dass de Statssekretär eis nach herno do zousätzlecht Zuelematerial wäert ginn.

Eng aner Fro, déi ech mer gestallt hunn, an do hunn ech och wéineg Donnéeën driwwer fonnt, dat war eng aner Neierung, déi 1999 komm ass, an zwar de Comité d'accompagnement. Dat war, esou géif ech soen, am Sënn vun Dialog an Transparenz, dat heescht u sech ass festgehale ginn, dass e Comité vu 15 Leit géif bestoen, wou déi eigentlech Usageren an déi Leit, déi responsabel si fir Wirtschaft, fir Mëttelstand a fir Ëmwelt an Aarbecht, sech géife ronderëm en Dësch versammelen. Si sollten all Kéiers zesummekommen, wa sech praktesch Problemer bei der Applicatioun vun deem heite Gesetz stelle géifen. Et war d'Suerg eigentlech, dass een sech openeen zoubeweegt, dass ebe Leit sech treffen, an dass se all praktesch Froen, déi sech bei der Uwendung vun engem komplizéierte Gesetz stelle kënnen, diskutéieren.

Ech stellen d'Fro: «Gëtt et dee Comité d'accompagnement?» Deen ass theoretesch fir dräi Joer agesat. Dee misst jo scho bei dëser Regierung eng Kéier renouvelléiert gi sinn. Wéi oft kënnt deen zesummen? Wéi oft ass en op Demande vum Ministère zesummekomm? Wéi oft ass en op Eegeninitiativ zesummekomm? Ass déi Reform zum Beispill, déi mer haut diskutéieren, d'Ofännerung vum Kommodosgesetz an d'Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Ëmweltverwaltung, sinn déi Froen och diskutéiert gi mat deene Leit am Kader vun deem Comité d'accompagnement? Menger Ansicht no sinn dat Froen, déi och sollen an esou engem Gremium diskutéiert ginn. Ech hu keng Donnéeën doriwwer. Ech muss awer hei déi Froe stellen, well dat do awer eng interessant Neierung war an deem Gesetz vun 1999.

D'Fro, déi sech natierlech och stellt, ass: Wat ass geschitt an deene leschte Jore mat där onséileger Décisioun vun der Regierung fir emol, ouni datt eng Verwaltung bestanen hätt, direkt politesch Kompetenzen am Waasserberäich vum Ëmweltminister an deelweis vun anere Ministeren op den Innenminister ze transféréieren? Ass dat am Sënn vun der eenheetlecher Prozedur, wéi dat sengerzäit 1999 vun der DP gefuerdert ginn ass, déi kritiséiert huet, datt och nach den Aarbechtsminister eppes ze soen hätt? Dat sollt nëmmen den Ëmweltminister sinn an elo hu mer niewent dem Ëmweltminister an dem Aarbechtsminister och nach den Innenminister, deen an deenen heite Matièren eppes ze soe kritt.

Dat war den éischten Akt, deen d'Regierung gemaach huet, contrairement also erëm eng Kéier zu Kriticke vun 1999 vu Säite vun enger vun de Regierungsparteie vun haut, déi deemools geäussert gi sinn. Mir hunn also eng tripel Kompetenz ewell zënter dem Untrëtt vun dëser Regierung, an dat dréit sécherlech net zu méi Rechtssécherheet bäi, an dat ass jo och vun de Wirtschaftskreesser mat Recht schonn an deene leschte Jore kritiséiert ginn.

An der praktescher Ëmsetzung muss een och kucke wéi u sech déi Dossieren elo behandelt ginn zënter 1999, an do huet sech effektiv eppes geännert par rapport zur Praxis vu virdrun. Ech stelle mer awer d'Fro, ob dat sech am gudde Sënn geännert huet. A wann ech mer déi Fro stellen, dann hunn ech mer praktesch schonn eng Äntwert ginn.

Et ass schonn eng eenzegaarteg Entwécklung, dass wat d'Kommodosprozeduren ugeet d'Direktioun vun der technescher Verwaltung, déi eigentlech déi Kommodosdossiere géréiert, ausgeschloss ginn ass vun deene Prozeduren. Et war esou, dass iwwer laang Joren den Direkter vun der Ëmweltverwaltung eng Délégation de signature vum Minister hat fir déi Dossieren, an dass och den Directeur adjoint dann erëm eng Délégation de signature vum Minister hat. No mengen Informatioune bestinn déi Délégations de signature net méi. Déi sinn net renouvelléiert gi mat Absicht am Ufank vun dëser Legislaturperiod. Et ass en neie Chef agesat gi fir e Service des établissements classés, deen am Gesetz net virgesinn ass, an domadder ass d'Direktioun ausgeschalt aus de Kommodosdossieren. Dee Service vun den Etablissements classés, dee référéiert direkt zum Ministère an zur Persoun vum responsabele Statssekretär. Dat ass deen Opbau, deen 1999 gemaach ginn ass.

Ech froe mech, wéisou dass dat passéiert ass. Dat ass eng ganz onüblech Prozedur. Ech kenne keng Verwaltung, déi esou fonctionnéiert, a menger Meenung no ass dat, wann dat esou ass, och contraire zum Gesetz iwwert d'Ëmweltverwaltung, wou kloer dra steet, wat d'Aufgabe vum Direkter a vun den Directeurs adjoints sinn. Si géréieren déi ganz Ëmweltverwaltung an och sämtlech Dossieren.

Menger Ansicht no kann et also net sinn, dass iwwert e Bypass d'Direktioun net méi kann iwwer hire ganzen Aktivitéitsberäich eng Kontroll ausüben. Dat ass dee Choix, deen 1999 gemaach ginn ass, an ech hunn den Androck, dass iwwert dee Gesetzesprojet, deen haut virläit, dee Choix soll entérinéiert ginn. Ech hunn déi héchst Bedenken iwwert dat Virgoen do. Dat ass net esou wéi ech de Fonctionnement vum Stat an eng kloer Opdeelung tëschent de Kompetenze vum Ministère an enger technescher Verwaltung gesinn. Et ass total och anescht wéi et zum Beispill an der Gewerbeinspektioun zënter éiweg leeft. Et muss ee sech also Froe stellen, wat dat Ganzt do soll.

Mir sinn also äusserst misstrauesch, wat déi Praxis ugeet a wat besonnesch och de Versuch elo vun der Regierung ugeet, fir déi Praxis och nach iwwert e gesetzleche Wee ze regulariséieren a vläicht esouguer ze zementéieren fir eng nächsten Zäit.

Et gëtt, an do kommen ech elo op déi zwee Gesetzesprojeten ze schwätzen, virgeschloen an deem Projet 4863B, fir eng Kommodosdivisioun ze schafen. Also aus engem Service gëtt am Fong eng Divisioun, eng Divisioun, déi fonctionnéiere soll niewent deene bestehenden Divisiounen, déi Der alleguerte kennt, wou eng Divisioun héchstwahrscheinlech verschwënnt, dat ass d'Waasserdivisioun. Mat der Kreatioun vum Wasserwirtschaftsamt misst déi an der Regel, nodeem wat d'Regierung 1999 festgehalen huet, verschwannen. Dat ass net meng Meenung, mä dat ass awer eng Fro, déi ee misst dierfe kënnen, wa mer schonn un d'Strukture gi vun der Ëmweltverwaltung, opwerfen. Wat geschitt mat der Division des Eaux an Zukunft?

Et gëtt eng Kommodosdivisioun geschafen, déi net nëmmen Zoustännegkeeten huet fir den Traitement vun de Kommodosdossieren, dat schéngt mer normal ze sinn, soss bräichte mer se net, mä déi och fir d'Kontroll vum Respekt vun den Oplagen zoustänneg ass, an et steet an deem schéine Saz „…le cas échéant en collaboration" mat deenen aneren Divisiounen. Ech soen Iech, hei ass de Clinch, de Kuddelmuddel scho virprogramméiert.

Wann een en Organigramm mécht, an et ass jo gëschter vill iwwer Organigramme geschwat ginn, dann huet een all Interessen do eng kloer Sprooch ze schwätzen, wie fir wat zoustänneg ass, soss ass de Schlamassel virprogramméiert, an dee ka sech um Bockel vun der Ëmwelt respektiv vun de Betriber an deem heite Fall ausdroen, wa sech déi eenzel Divisiounen net eeneg sinn an der Interpretatioun vun Texter an an der Virgoensweis par rapport zu den eenzelnen Etablissementer.

Dofir si mir net d'accord mat deem, wat hei proposéiert gëtt, wat eng Confusioun eigentlech bréngt an eng Verwaltung, déi onnéideg ass, déi esouguer riskant ass fir eng korrekt Applicatioun a Kontroll vun eisen Texter.

Mir proposéieren, an ech hunn an deem Sënn jo eng Proposition de loi viru kuerzem hei abruecht, wou ech d'Vuë vun der Direktioun vun der Ëmweltverwaltung iwwerhuelen, déi net d'accord ass mat deem heiten Text. Dat wëll ech ganz kloer soen. Hei gëtt vun der Regierung en Text proposéiert, wou d'Direktioun, den Direkter an déi zwee Directeurs adjoints, e Géigentext proposéiert hunn, dee mer net hunn däerfen an der Kommissioun diskutéieren, dee mer net zougestallt kritt hu vum Minister, respektiv vum Statssekretär, wou gesot ginn ass, si wieren iwwer hir Kompetenzen erausgaangen.

Et ass, muss ech éierlech soen, scho bal en onerhéierleche Virgang, deen hei stattfonnt huet. Wann ee wëllt gutt Aarbecht maachen, wann ee wëllt déi beschtméiglech Texter maachen, da muss een all d'Donnéeën um Dësch hunn a sech kënnen objektiv eng Meenung maachen, wat déi beschte Léisung ass. An opgrond vun deenen Texter, déi ech kennen, ass dat, wat d'Regierung proposéiert, keng gutt Léisung, wat deen dote Punkt ugeet.

Mir mengen, dass et net kann esou sinn, dass eigentlech déi aner Divisiounen, déi jo och d'Fachkompetenz an deenen eenzelne Beräicher hunn, ob dat d'Waasser ass, ob dat den Offall, ob dat d'Loft ass, a Konkurrenz zoustänneg gi mat där neier Divisioun fir ze kucken, ob e Betrib gewëssen Oplagen erfëllt. Et däerf een ni vergiessen, dass normalerweis d'Autorisatioun eng duebel legal Basis huet. Op där enger Säit d'Kommodosgesetz, wou déi nei Divisoun zoustänneg wär fir d'Kontroll ze maachen, mä awer oft och gläichzäiteg eng Base légale huet opgrond vun deenen eenzelne sektoriellen Texter, wéi eis Gesetzgebung iwwert d'Loftqualitéit, iwwert den Offall, wou dann erëm eng Kéier eng Zoustännegkeet op deeneselwechten Normë praktesch, deeneselwechten Oplage besteet vun deenen eenzelnen techneschen Divisiounen.

Hei muss Klortext geriet ginn. Mir sinn dofir, dass déi Kommodosstell éischter soll eng administrativ Stell sinn, déi eng Gestion administrative vun den Dossiere mécht, mä dass d'Behandlung vun den Dossiere soll an deene fachspezifeschen Divisiounen duerchgefouert ginn, an och d'Kontroll soll an deene fachspezifeschen Divisiounen duerchgefouert ginn. Dat sinn och d'Vuën, déi den Direkter an déi zwee Directeurs adjoints schréftlech dem Statssekretär an dem Minister matgedeelt hunn an déi mir hei iwwerhuelen. Dat si Leit, déi Praxis hu vu laange Joren hier, méi laang wéi véier Joer.

***(Interruption)***

A wou mer wëssen, dass et gutt Beamte sinn, wann Der wëllt hei, Här Statssekretär, op d'Beamte klappen. Dat si gewëssenhaft Beamten, déi hire Métier kennen, déi zënter laange Joren, Jorzéngten an där Verwaltung do schaffen a sech schonn, mengen ech, e Bild kënne maache wéi eng Verwaltung ka strukturéiert ginn. Et muss een net alles blann iwwerhuelen, wat se proposéieren, mä et muss een awer d'accord sinn emol doriwwer ze diskutéieren. An dat wollt Dir wëssentlech net. Et ass drëm gaangen dat heiten esou schnell wéi méiglech duerchzekréien, an do si mer ganz skeptesch, wat dann déi wierklech Beweggrënn sinn, fir esou eppes wëlle mordicus duerchzekréien.

Erstaunt kann een och sinn, dass al DP-Fuerderungen, déi se net midd gi sinn an den 90er Joren ëmmer erëm hei an Erënnerung ze ruffen, net ëmgesat ginn. 1994 ass eng Proposition de loi ënnert dem Numm vum Här Calmes deponéiert ginn, déi eng wesentlech Neierung proposéiert, nämlech eng sou genannten Division analytique - si heescht Division des analyses chimiques - an der Ëmweltverwaltung ze kréien.

Dës Regierung féiert net nëmmen déi Divisioun net an, wat ech verstinn, well ech war och ni domat averstanen - Awer d'DP huet ëmmer déi dote Fuerderung ënnerstëtzt! - mä elo geet se hin an iwwert d'Schafe vun engem Waasserwirtschaftsamt soll de Laboratoire, deen an der Ëmweltverwaltung ass, ausgegliddert ginn an déi nei Waasserverwaltung. Dat heescht, wann et nom Wëlle vun der Regierung geet - an ech hoffen, dass d'Chamber sech deem wäert opposéieren, déi Diskussion kréie mer jo nach am nächste Joer – maache mer also just de Contraire vun deem, wat ëmmer hei vun der DP gefuerdert ginn ass a wat an enger Proposition de loi esouguer schwaarz op wäiss geschriwwe steet.

Dat heescht mir ginn net dohinner a schafen eng nei Divisioun, wou konzentréiert kënnten esou Analysen duerchgefouert ginn, mä mir schafe sämtlech Laboen an der Ëmweltverwaltung of, wat fir mech eng onerhéiert zousätzlech Schwächung vun där ganzer Verwaltung do duerstellt. Hei gëtt also just de Contraire vun deem gemaach, wat ëmmer préconiséiert ginn ass vun der Partei vum Ëmweltminister a vu sengem Statssekretär.

Wonneren dinn ech mech och, wéi den Här Gira, dee mat Recht ervirgehuewen huet, dass sech beklot ginn ass, esouguer effektiv vum Statssekretär an enger Sitzung, dass nach ëmmer net genuch Personal do ass, an dass dann d'Regierung an dës Majoritéit déi Perche net hëlt, déi er zougestane ginn ass, a seet, mir hätten elo gären, dass hors Numerus clausus eng Rei vu Leit solle bäikommen an där Ëmweltverwaltung, fir dass mer wierklech kënnen eng korrekt Applicatioun vun deem heiten Text maachen. Dee politesche Courage war net do fir et ze maachen, obwuel de Conseil d'Etat an déi dote Kerb eragehaen huet an dat och Wirtschaftskreesser gefuerdert hunn. Et wär menger Ansicht no einfach gewiescht, wann de politesche Wëllen do gewiescht wär, fir an deem Sënn eng Verbesserung vun der Situatioun erbäizeféieren.

E bëssen traureg sinn ech, dass mir däerfen an dësem Moment just iwwert déi kleng Reform vun der Regierung diskutéieren, an net méi wäit kucken, wat d'Organisatioun vun der Ëmweltverwaltung ugeet. Et gëtt gesot, mir maachen elo en Audit. Et ass viru véier Méint een ugekënnegt ginn. Elo gëtt gesot am Hierscht kënnt den Audit an e wäert wahrscheinlech just virun de Wahlen, wann et gutt geet, fäerdeg sinn.

Ech soe ganz éierlech, mir brauche keen Audit. Et ass sengerzäit en Audit vun de Prozedure gemaach ginn am Virfeld vun der Reform vun 1999. Mir kennen d'Praxis vun deene leschte véier Joer. Et leien Textpropositiounen um Dësch. D'Proposition de loi vum Här Calmes, déi mer net wëlle vergiesse vun 1994, meng eegen, wou ech am Fong dofir gesuergt hunn, dass d'Vuë vun der Ëmweltverwaltungsdirektioun géifen an d'Diskussioun erakommen, an déi vun der Regierung.

Ech mengen, dass do scho genuch Nährstoff ass. De Mouvement écologique huet sech och zu deem Ganze geäussert. Ech si sécher, dass och d'Wirtschaftskreesser schnell géifen hir Meenung zu deem Punkt do kënnen duerleeën, an dann hätt een eigentlech all Donnéeën zesummen, wann ee wëllt eppes an deem ganze Punkt do maachen. Mä ech fäerten e bëssen, dass et mat dësem Audit geet wéi mam Audit vun der Administration des Eaux et Forêts.

Deen ass virun zwee Joer an Optrag gi ginn. Deen ass schonn zënter bal esou laang och fäerdeg, an d'Gesetz, wat eigentlech soll dat Ganzt ëmsetzen, d'Reform vun der Administration des Eaux et Forêts, gëtt net gemaach, an d'Konklusioune vun deem Audit ginn och net respektéiert, well eng vun den Haaptkonklusioune war, et däerf ee keng Zerstéckelung vun den Eaux et Forêts maachen. Et däerf een op kee Fall d'Waasserkompetenz ofginn un den Intérieur, mä genau dat ass dat, wat d'Regierung 1999 festgehalen huet, a si wëllt vun deem doten net of.

Gëschter ass nach hei an den Debatte gesot ginn, keng nei Etüde méi. Mä wat ass dat hei? Dat hei ass nees eng zousätzlech Etüd, déi versprach gëtt fir iergendwéi hei Zäit ze gewannen, a fir sech kënne mat där klenger Modifikatioun hei iwwert d'Distanz ze retten.

An eisen Ae braucht d'Ëmweltverwaltung, opgrond vun der Praxis vun deene leschte Joren, an opgrond vum Stellewäert, deen eenzel Sujete kritt hunn, ganz einfach eng aner Organisatioun. Soll dobäikommen eng getrennten Divisioun fir de Kaméidi a fir déi elektromagnéitesch Pollutioun, soll eng getrennten Divisioun bäikomme fir déi Energiefroen, och am Zesummenhank mam Klimaschutz. Dat schéngt mer selbstverständlech ze sinn. Dat huet esou eng zentral Bedeitung kritt, dass och vum reng techneschen hier et wichteg ass, dass dat do an enger getrennter spezialiséierter Abteilung vun der Ëmweltverwaltung traitéiert gëtt.

Mir kënne mat eenzelnen anere klengere Modifikatiounen d'accord sinn, wéi déi Affär, déi zënter 1980 an deem Text steet, dass d'Leit an der Carrière supérieure mussen nach en zousätzleche Stage vun engem Joer, eng spezialiséiert Ausbildung maachen. Effektiv weess ech als Minister, dat plot een an dat bréngt de Leit an dem Betrib eigentlech net dee Plus, deen et soll bréngen. Dofir hunn ech kee Problem fir un déi Saachen ze goen.

Wou mer awer völleg anerer Meenung sinn, dat ass wat déi nei Dispositiounen ugeet, wat d'Nominatiounen an d'Direktioun betrëfft. Ech froe mech wat dat Ganzt do soll, a wat eigentlech den Hannergedanke vun där doter Textännerung ass. An ech hu kee gutt Gefill bei deem Ganzen.

Wéi ass haut d'Situatioun? Haut steet am Gesetz - et ass zënter 1980 de Fall -, vun der Ëmweltverwaltung, dass den Direkter, respektiv och d'Directeurs adjoints mussen den Diplom vun engem Ingénieur hunn. Dat huet bis elo kee Mënsch gestéiert, muss ech soen. Dat eenzegt neit Element wat komm ass, dat ass 1999 nach ënnert der viregter Regierung dra komm, wou gesot ginn ass, op Wonsch vun der Ëmweltverwaltung, déi eigentlech wollt e Jurist bei sech an der Ëmweltverwaltung hunn, mir schafen och niewendrun eng Carrière vum Attaché de direction, fir dass mer och esou Leit astelle kënnen. Wéi ech weess, ass jo eng Persoun opgrond vun deem Gesetz vun 1999 och dann agestallt ginn.

Dat gëtt elo geholl als Argument, fir ze soen, elo musse mer dat do änneren a mir loossen déi Konditioun, dass ee muss Ingénieur sinn, einfach falen. Firwat dann esou wäit goen? Firwat déi Etappen do verbrennen dertëschent? Elo hu mer en Text vu Regierungssäit virleien, wou guer keng Konditioun méi gestallt ass wat d'Nominatioun vum Direkter a vum Directeur adjoint ugeet. Egal wat déi Leit vu Formatioun hunn, egal a wat fir enger Carrière, dass se sinn, déi kënnen an d'Direktioun genannt ginn. Mir sinn um Wee vun enger purer politescher Nominatioun, ouni déi geréngste Garantië vu Formation universitaire, an ech fannen dat net normal, an ech stelle mer Froen, ob hei sollen onbequem rechtlech Barrièren ewechgeraumt ginn, fir kënne méi einfach herno verschidden Nominatiounen duerchzefëieren.

Wann dat esou wär, da wär dat e staarkt Stéck, well ech sinn do fir d'Klorheet. Wann dat esou ass, da soll een dat soen, da soll een dat net verstoppen…

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Här President, den Här Bodry soll dat do méi kloer formuléieren. Ech verstinn net wat hien do seet!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- …hannert anere Formulatiounen. A fir dat erëm kloer ze maachen, a fir erëm dee ganzen Text op seng Féiss ze stellen, an elementar Prinzipië vun Nominatiounen an d'Direktioun an technesch Verwaltungen ze respektéieren, proposéiert eis Fraktioun dat ze iwwerhuele wat haut an dem Gesetz iwwert d'Gewerbeinspektioun steet, wat eng parallell Verwaltung souzesoe vun der Ëmweltverwaltung ass, wou net dra steet, du brauchs guer keng Formatioun méi ze hunn. Jidderee ka praktesch Directeur oder Directeur adjoint vun där technescher Verwaltung do ginn, mä wou gesot gëtt, si musse fir kënnen Directeur oder Directeur adjoint ze ginn entweder den Titel vum Ingénieur hunn oder eng aner ofgeschlossen universitär Formatioun. Dat schéngt mer ganz normal ze sinn, fir d'Nominatioun an d'Direktioun vun esou enger grousser technescher Verwaltung.

Mir wäerten also hei en Amendement zur Ofstëmmung bréngen, deen ech elo d'Éier hunn dem President ze iwwerreechen, wou mer den Artikel 3 vum Kadergesetz iwwert d'Ëmweltverwaltung an deem dote Sënn ëmänneren, also keen Text, deen et néierens gëtt.

Mir huelen d'Quintessenz vum Text vun der Gewerbeinspektioun a mir transposéieren déi an d'Ëmweltverwaltung. Ech mengen, dann hu mer eng kloer Situatioun. Dann ass dat doten och op fir eventuell Leit aus enger administrativ héijer Carrière, déi eng voll universitär Ausbildung hunn, ze nennen, mä mer geheien awer net d'Kand mam Waasser an d'Bued, an dofir sinn ech der Meenung, dass dat hei eigentlech deen eenzege richtegen a proppere Wee ass, wou ee wierklech dat mécht, wat an der Argumentatioun vun der Regierung gesot ginn ass, wou een net méi mécht wéi dat wat net an der Argumentatioun vun der Regierung steet.

An hei geet et, mengen ech, och ëm eng Rei vu Grondprinzipië wat de Fonctionnement vun der Administratioun beim Stat ugeet, an dofir sinn ech der Meenung, dass deen heiten Text vun eiser Säit misst eigentlech den Accord vun der Chamber fannen. Ech wëll och soen, dass keng Urgenz besteet, fir deen Text hei duerchzepeitschen. Hei geet et net ëm d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv. Et kann also duerchaus eng éischt Lecture stattfannen. Mir hunn nach ëmmer Zäit am Oktober dann eng zweet Lecture ze maachen, fir dass mer e propperen Text op deem dote Punkt hunn, an net dat, wat hei probéiert ginn ass eis ënnerzejubelen.

***Amendement 1***

*L'article 1er est formulé comme suit:*

*«L'article 3 est remplacé comme suit:*

*«L'Administration est placée sous l'autorité du membre du Gouvernement ayant dans ses attributions l'environnement, dénommé ci-après „le Ministre".*

*La gestion en est confiée à un directeur qui en est le chef et qui a sous ses ordres le personnel de l'administration. Le directeur est secondé dans ses tâches par deux directeurs adjoints qui le suppléent en cas d'empêchement. Le directeur ainsi que les directeurs adjoints doivent avoir la qualité d'ingénieur ou être détenteur d'un diplôme sanctionnant un cycle complet d'études universitaires d'au moins quatre années.»*

*(s.) Alex Bodry, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Georges Wohlfart.*

Zum Schluss nach e Wuert zum zweeten Text, deen eis hei beschäftegt, dat ass deen iwwert d'Ëmsetzung vun zwou europäeschen Direktiven, do besonnesch d'IPPC-Direktiv, déi och déi viregt Regierung scho laang beschäftegt huet a wou mer eigentlech déi klassesch Dräifaltegkeet erëmfannen an de Meenungen.

Op där enger Säit hu mer d'Regierung, déi eng bestëmmte Meenung huet wéi een esou Texter ka komplett ëmsetzen. Mir hunn de Conseil d'Etat, deen normalerweis enger anerer Meenung ass an deem dote Punkt a mir hunn d'Meenung vun der Europäescher Kommissioun zu Bréissel, déi erëm eng Kéier eng aner Meenung huet, an déi Meenung deckt sech leider net mat där vum Statsrot.

An dat ass dee grousse Problem, dee mer an deene leschte Joren ëmmer haten, wou de Statsrot eigentlech oft der Meenung war mir hätten eng Direktiv ganz ëmgesat, mä wou dann awer gläichzäiteg duerno d'Europäesch Kommissioun gesot huet, neen, neen, Dir iert lech, mä mir schwätzen net mam Statsrot, mir schwätze mat der Lëtzebuerger Regierung. Dir hutt déi dote Punkten net ganz ëmgesat, Dir musst dat nach anescht maachen.

An ähnlech war et och elo an dëser Zäit, wou d'Regierung e gewëssene Wee gaangen ass fir d'Ëmsetzung ze maachen, wou d'Europäesch Kommissioun awer gesot huet, dat doten ass keng korrekt Ëmsetzung, an doropshin, mengen ech, musse mer dann deen heite Wee goen.

De Statsrot widderhëlt hei eigentlech déi Bemierkungen, déi en och schonn 1999 gemaach huet. Allerdéngs muss een zwou Saachen dozou soen. 1999 hat de Statsrot keng Opposition formelle op deem dote Punkt, an 1999, dat muss ech och nach eng Kéier hei ervirsträichen, war d'Demokratesch Partei därselwechter Meenung wéi de Statsrot.

Haut fuerdert eis d'Regierung op iwwert d'Opposition formelle vum Statsrot ewechzegoen, a mat groussen Argumenter gëtt eigentlech beluecht wéi falsch de Statsrot läit mat senger Argumentatioun, woubäi de Statsrot nëmmen dat seet, wat d'DP och 1999 gesot huet.

Et ass e bëssen d'Welt op der Kopp, muss ech soen, an deem doten Dossier. Ech bleiwe bei menger Meenung, déi ech 1999 hat. Ech mengen, dass effektiv de Statsrot falsch läit a senger Argumentatioun, an dass déi Argumenter, déi am Rapport vun der Kommissioun stinn, eigentlech richteg sinn.

Ech wëll awer nach e Wuert dozou soen, firwat dass de Statsrot wahrscheinlech dës Kéier op dee Wee gaangen ass, fir déi Opposition formelle ze formuléieren, a wahrscheinlech och d'Dispens dann och vum zweete Vote net gëtt, wann d'Chamber sech iwwer seng Bemierkungen ewechsetzt.

Dat hänkt ganz vill mat der Praxis vun dëser Chamber, besonnesch vun dëser Majoritéit, zesummen, déi eenzel Texter, wou de Statsrot sech ganz vill Méi gemaach huet, fir ganz nei Texter ze schreiwen, déi nei Textformatioune vum Statsrot ignoréiert huet an déi einfach décidéiert huet, mir bleiwe beim Regierungstext. Dat féiert noutgedrongener Weis zu enger Iwwerreaktioun vum Statsrot, deen einfach zur Feststellung kënnt, dass eenzel Remarken, Kriticken, déi hie mécht, net méi berücksichtegt ginn, wa se net grad mat enger Opposition formelle verbonne sinn.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Dat ass, mengen ech, net gutt an dofir mengen ech, dass déi haart Reaktioun, déi de Statsrot zu deem heite Punkt huet, déi an eisen Aen iwwerzunn ass, sech awer och erkläert duerch eng gewëssen Nonchalance vun der Majoritéit vun dëser Chamber géigeniwwer Kriticken, déi de Statsrot a wierklech ausgeschafftenen Avisen an der Vergaangenheet formuléiert huet. Dat féiert dann zu deem wat mer elo hei fannen, dat heescht zu engem Blocage vun der Situatioun, wou elo d'Majoritéit eigentlech der Meenung ass mir missten iwwert eng éischt Lecture, praktesch iwwert déi Opposition formelle vum Statsrot ewechgoen. Am Fong si mer domadder averstanen, mir sinn awer der Meenung, dass hei eng Responsabilitéit bei der Regierung läit.

Den zweete Punkt ass, dass e Versprieche vun der Regierung net respektéiert ginn ass, an dat ass dat, dass mer bei der Diskussioun haut och de Projet vun der Ëmsetzung vun der Impaktstudiendirektiv virleien hu sollten, wat de Stroossebau a wat d'Schinn ugeet. Leider, obwuel mer gelies hunn, dass d'Regierung schonn doriwwer diskutéiert huet, hu mer deen Text haut net virleien. Dat ass fir mech formell de Broch vun engem Verspriechen, dat gemaach ginn ass, vun de Regierungsmemberen eis géigeniwwer. Dofir soen ech, dass mer deen heiten Text net wäerte stëmmen. Mir wäerten eis bei deem heiten Text, also wou et ëm d'Ëmsetzung vun den europäeschen Direktive geet bei der Uwendung vum Kommodosgesetz wäerte mer eis enthalen, a mir wäerte géint deen anere Projet stëmmen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. Den Här Calmes huet d'Wuert.

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt vläicht nach eng Kéier kuerz Stellung huelen zu deem zweete Projet, dee mer hei haten, respektiv och zur Interpellatioun vum Här Gira. Erlaabt mir awer virdru meng Verwonnerung hei zum Ausdrock ze bréngen iwwert dat wat mäi Virriedner elo alles hei gesot huet.

Une voix.- Bewonnerung oder Verwonnerung?

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.*- Verwonnerung! Oh, och Bewonnerung!

Et muss een nämlech wëssen, dass den Här Bodry 15 Joer d'Responsabilitéite vun deem Ministère hei hat, net hannereneen, awer ëmmerhin an zwou Perioden. Seng Partei hat déi och. Dofir bewonneren ech dee Culot, deen hien hei un den Dag leet, fir dat vum Stapel ze loossen.

***(Interruptions)***

Et muss een nämlech wëssen, dass alles dat wat mer hei amgaange sinn ëmzesetzen, Direktive sinn, déi laang virun eiser Period hätte sollen ëmgesat ginn.

Ech erënnere just un déi Direktiv vun 1985. Ech mengen net, dass mir d'Responsabilitéit mussen droen, fir dass déi hätt solle richteg ëmgesat ginn. Ech mengen och net, dass mir d'Responsabilitéit fir déi Direktiv vun 1997 iwwert d'Impaktstudien haten, och net déi vun 1996 iwwert d'IPPC, virun allem och net déi bei anere Gesetzer, wéi zum Beispill am Naturschutzgesetz, wou mir hei amgaange sinn Direktiven ëmzesetzen aus dem Joer 1979, déi hu 25 Joer um Bockel, an och net déi vun 1992. Wann ech mäi Bilan géif maachen, Här Bodry, da wär ech ganz e bësse méi bescheide par rapport wéi Dir hei optrëtt.

***(Interruptions)***

Dovun ofgesinn, mengen ech, dass et richteg ass, dass déi Division des établissements classés hei geschafe gëtt. Selbstverständlech geet dat net esou wäit wéi dat, wat ech a menger Proposition de loi sengerzäit proposéiert hat vun enger Direction des établissements classés. Selbstverständlech net!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Et ass éischter de Contraire vun deem wat Dir proposéiert hat.

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.*- Neen, ech mengen net, dass et de Contraire ass. Ech mengen, dass et schonn dee richtege Wee ass, well ier een op de Wee vun enger Direction des établissements classés geet, muss een awer emol versichen an deene verschiddene Verwaltungen dat ze regruppéieren, wat ze regruppéieren ass.

Ech sinn och der Meenung, Här Bodry, dass de Wee, deen Dir an Ärer Proposition de loi hei virschlot, dee richtegen ass. Ech sinn einfach der Iwwerzeegung, wa mer dee Wee géife goen, dann diviséiere mer erëm an enger Verwaltung, anstatt ze regruppéieren. Ech gesinn e Sënn hei dran, dass mer déi Kompetenze vum Kommodo regruppéieren. Dat gëtt elo an enger éischter Phas um Niveau vun der Ëmweltverwaltung gemaach. Mäi Wonsch wär et selbstverständlech wann och déi Kompetenzen, déi an der Gewerbeinspektioun leien, géifen an esou eng Verwaltung erakommen, fir esou méi einfach a méi séier och schaffen ze kënnen. Dat ass jo de Sënn an den Zweck heivunner.

Ech géif och soen, dass een iwwert déi Propositioun, déi Dir hei niddergeluecht hutt, kann diskutéieren. Dir hutt déi leider eréischt de 17. Juni hei erabruecht. Mir hunn nach keen Avis vun der Regierung. Mir hunn d'Geleeënheet dat ganz sécher am Hierscht bei der Rentrée nach eng Kéier ze maachen, wa mer iwwert dat Gesetz hei nach emol diskutéieren. Da kann ee selbstverständlech am Detail iwwert déi Saachen hei diskutéieren.

Et ass och net komplett, dat wat hei gemaach gëtt. Näischt ass komplett. Mir haten och sengerzäit an eisem Programm stoen, dass d'Wasserwirtschaftsamt, wat geschafe ginn ass, hätt sollen an den Ëmweltministère kommen. Et ass e Kompromiss zu Stane komm, dass et an den Intérieur komm ass. Ech ka mech awer ganz genau nach un déi Diskussiounen erënneren, déi mir 1990 bis 1992 an der Ëmweltkommissioun haten, wéi den Här Krecké, mengen ech, deemools e Rapport verfaasst hat iwwert d'Schafung vun engem Wasserwirtschaftsamt, wou mer deemools eng Motioun hei gestëmmt haten, wou et sollt zu engem Wasserwirtschaftsamt kommen an dräi Phasen, no dräi, respektiv sechs an néng Joer. Ma, do ass no néng Joer iwwerhaapt nach näischt gelaf. Et war näischt entaméiert.

Ech gesinn awer, dass wann déi Regierung hei fäerdeg ass, dann ass d'Wasserwirtschaftsamt geschafen, ob dat elo iwwert den Ëmweltministère oder iwwert den Intérieur geschitt, dat ass mir am Fong geholl egal. Ech si mer och bewosst, dass wann een et hätt missen iwwert den Ëmweltminister schafen, dass et da ganz schwéier gewiescht wär. Ech sinn awer grad esou der Meenung, dass wann dat dote bis geschafe ginn ass, et an den Ëmweltministère soll zréckkommen. Dat ass meng Meenung, an zu där stinn ech och.

***(Interruptions)***

Dat gesot, sinn ech awer der Meenung, dass dat heiten de richtege Wee ass, an ech sinn och der Meenung, dass een op dee Wee hei soll goen, fir eng Divisioun ze schafen, déi sech reng ëm d'Kommodosgesetzgebung bekëmmert. Ech mengen, et ass och de richtege Wee ganz einfach, wann een an déi Divisioun hei déi Leit erasetzt, déi d'Kenntnisser hunn, fir dat heiten ze maachen. De Minister oder de Statssekretär kann eis jo soen, wéi hie sech virstellt dat ze maachen.

Déi Division des analyses chimiques ass och nach net heimat geschafen. Dir hutt elo grad e Plädoyer hei dofir gemaach, mä si war och nach net an Ärer Propositioun gemaach. Wéi gesot, dat ass och nach eng Diskussioun, déi ee ka féieren. Ech ka mir och schlecht virstellen, dass eng Ëmweltverwaltung ouni Laboratoire an ouni Divisioun ka fonctionnéieren, dass ee keng chemesch Analysë ka maachen. Dat gëllt net nëmme fir d'Waasser, mä dat gëllt och fir all déi aner Domänen.

Ech sinn och der Meenung, dass ee kann iwwert eng Divisioun vun der Energie diskutéieren oder ob een déi esou nennt. Et ass eng Divisioun, déi sech ëm de Schutz vun der Atmosphär bekëmmert. Ech gesinn net an, firwat dass mer niewent där nach eng Divisioun Energie mussen aschaffen, déi sech just ëm datselwecht géif bekëmmeren, wéi déi, déi schonn haut do ass. Da solle mer dat reforméieren an deem Sënn an där Divisioun deen Numm ginn.

Global oder allgemeng gekuckt, sinn ech awer der Meenung, dass dat heiten dee richtege Schrëtt ass, a wëll och den Accord zu der Partie B vun deem Gesetz hei bréngen.

Wat d'Interpellatioun ugeet, hu mir als Ëmweltkommissioun net festgeluecht, dass déi Interpellatioun soll um Dag vun haut stattfannen. Dat war d'Conférence des Présidents, déi dat gemaach huet. Mir als President vun der zoustänneger Ëmweltkommissioun ass ni de Wonsch ugedroe gi säitens dem Här Gira eng gréisser Diskussioun doriwwer ze féieren, fir de Bilan doriwwer ze maachen. Ech ka mech dat net erënneren. Ech hunn d'Rapporten nogelies, an ech hunn dat bis ewell net erausfonnt. Trotzdeem, mengen ech awer, dass et gutt ass, dass mer e Bilan no véier Joer zéie vun der Applicatioun vun deem neie Gesetz.

Dat Gesetz, wat deemols gestëmmt ginn ass, huet ganz sécher Verbesserunge mat sech bruecht. Et huet bestëmmt och nach Schwächten. Kee Gesetz ass perfekt. An esou, Här Bodry, wéi Dir net perfekt waart, esou sinn déi Leit, déi haut am Amt sinn, ganz sécher och net perfekt. An déi Diskussiounen, déi mir hei féieren, solle jo dozou bäidroen zesummen dofir ze suergen, dass déi Gesetzer, déi mir hei maachen, besser sinn. Ech ka mech just drun erënneren, dass mer deemools effektiv ganz vill iwwer Normen diskutéiert hunn, déi wa méiglech iwwer Reglementer sollte festgehale ginn.

Et muss een och wëssen, dass wann d'Verwaltung amgaangen ass Normen auszeschaffen, dass se da keng Autorisatioune kann ausstellen, an dass wat d'Astellung vun de Leit och um Niveau vun der Verwaltung do ugeet ganz sécher eis Grenze gesat gi säitens dem Budgetsminister. Dat soll een awer och ëmmer erëm betruechten.

Mä virun allem ass d'Haaptdiskussioun ëm d'Verkierzung vun den Délaië gaang. Et ass effektiv och ëm Autorisations-type gaangen, ëm Formulaires-type. Ech mengen, dat alles geet säi Wee. Wa méi Leit do wären, da géing dat nach méi séier säi Wee goen, mä wéi gesot, virdru wär och Zäit gewiescht fir dat ze maachen.

Richteg ass, datt ech keng bestallten Ufro gestallt hunn den 28. September 1999, mä ech wollt einfach als Deputéierten den Iwwerschlag maache vun deem, wat bis do opstong, fir no fënnef Joer kënnen ze vergläichen, ob dat Gesetz, wat Äert Gesetz jo ass, Här Bodry, Verbesserunge mat sech bruecht huet oder net, an ob um Niveau vun der Verwaltung méi effikass konnt geschafft ginn oder net.

Den Här Gira huet Chiffere genannt. 2079 Dossiere leien do, vun deenen, an dat muss ee jo och fairerweis soen, der 627 do longen, wou nach weider Informatioune gefrot gi sinn. Et waren 156 Dossieren, déi an der Enquête publique longen. Niewent deem Gesetz longen an Ärem Ministère och nach aner Dossieren do. Et longen, wat d'Naturschutzgesetz ugeet, 735 Dossieren nach do, vun deenen der allerdéngs nëmmen 64 op weider Informatioune gewaart hunn. Am Déchetsgesetz waren 103 Dossieren nach en attente.

Wann een heivu schwätzt, da muss een dat am Ganze kucken. Wou dat hierkënnt, dat sief dohinner gestallt: Ob net genuch Leit do sinn oder d'Législatioun net adaptéiert ass?

Et ass eng Tatsaach, datt mer deemools déi Dossieren do virfonnt hunn, an dat muss een nämlech wëssen, fir Bilan ze zéien, well herno kritt ee gäre gesot vun deeneselwechte Leit, déi dat do verschëlt hunn, mir hätten eis Aarbecht net gemaach a mir wären net nokomm fir déi Dossieren ze traitéieren. Dofir eng reng Informatioun fir ze wëssen, wat gelaf ass.

Ech kennen déi Chifferen net, esou wéi mer haut do stinn. Ech denken, datt de Statssekretär eis déi ka liwweren. Et muss een och soen, datt zënter 1990, déi Zäit wou Dir am Amt waart, d'Situatioun sech net verbessert huet. Et ass jo méiglech, datt dat nëmmen um Gesetz long. Dat muss awer net. Wann 1990 nach 17% vun den Dossiere jährlech net konnten autoriséiert ginn, da waren dat der 1997 schonn 48%, dat heescht d'Halschent konnt all Joer net erausgoe vun all deenen Demanden, déi erakomm sinn. Do derniewent muss ee soen, datt de Solde cumulé vun all deene Joren erginn huet, datt 1.344 Dossiere vu 4.254 an deene sechs Joer net konnten erfëllt ginn. Dat ass praktesch en Drëttel vun allen Dossieren, déi keng Äntwert kritt hunn.

Ech weess och net, ob d'Situatioun sech haut verbessert huet oder net. Ech lauschteren dem Statssekretär hei gären no. Ech géif nach en anere Chiffer an d'Woschuel bréngen, e bësse fir eng Äntwert ze ginn op dat, wat den Här Gira hei gesot huet, opgrond vun deenen Erfahrungen, déi hien hat bis 1998, an dat och opgrond vun där Etüd, déi vun engem Büro Müller gemaach ginn ass.

Et huet 166 Deeg gebraucht ier bei der Ëmweltverwaltung en Dossier komplett war oder als komplett ugesi konnt ginn. Dat ass eng Moyenne. Dann huet et en moyenne awer nach iwwer 100 Deeg gebraucht bis et konnt zu enger Autorisatioun kommen. Zielt een déi zwee Chifferen zesummen, dann huet et 1998 300 Deeg gebraucht vun deem Dag un, wou een eng Demande eraginn huet, bis zu deem Dag wou se autoriséiert ginn ass.

Ech weess net, ob déi Délaien haut nach esou laang sinn, mä dofir si mer jo hei bei där Interpellatioun. Dir hutt elo eng Partie eenzel Beispiller hei ginn. Ech mengen, et kann een dat elo net op enger Partie vun eenzelne Beispiller jugéieren. Ech wëll och soen, datt d'Verwaltung ëmmer de schwaarze Péiter zougeschoustert kritt. Aus eegener Erfahrung weess een, oder och wann ee sech ëmfreet, datt ganz oft gelungen Demanden erakommen an dat, wat d'Verwaltung muss nofroen, oft méi ass wéi dat, wat se erakritt huet. Dofir kann een och net all Feeler op der Verwaltung stoe loossen.

Ech wëll just soen, datt een Deel bei der Interpellatioun komplett vergiess ginn ass. Ech weess net, wéi et dozou konnt kommen, mä et ass net eleng d'Ëmweltverwaltung, déi zoustänneg ass fir déi Prozedur. Hire Partner ass d'Gewerbeinspektioun. Ech weess net wéi d'Situatioun haut an der Gewerbeinspektioun ass an ob déi Délaien, wa se nach ëmmer net kënne respektéiert ginn, nëmmen drop zréckzefëiere sinn, datt an der Ëmweltverwaltung déi Durée esou laang ass oder och op där anerer Säit. Et wär vläicht interessant, wa mer am Hierscht nach emol dee Sujet hei hunn, datt mer dann deen zweete Volet och géifen diskutéieren. Den Aarbechtsminister konnt haut net hei sinn, an deem Sënn mengen ech, soll een dat dann nohuelen.

Ech wollt Iech awer soen, datt ech an der Zwëschenzäit e bessert Gefill hunn, wann et ëm dat Gesetz geet. Ech héieren net méi déi Oprou vun de Lobbyisten, wann een déi emol esou kann nennen. Ech hunn d'Impressioun wéi wa Rou an deem Secteur wär, net nëmme Rou vun där anerer Säit, ma och Rou vun där anerer Säit. Ech sinn der Meenung, datt déi Aarbecht, déi leie gelooss ginn ass vu virun 1999, amgaangen ass opgeschafft ze ginn, an hunn d'Impressioun, datt et méi séier virugeet wéi an der Vergaangenheet. Ech hu keng Ursaach drun ze zweifelen, datt déi Autorisatiounen, déi haut erausginn, manner zolidd solle si wéi déi, déi virun 1999 erausgaange sinn. Dat alles steet zur Diskussioun. Dorop kann de Statssekretär eis dann elo äntwerten.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et fält engem schwéier no där geballter Kompetenz, déi viru mir opgetratt ass, nach vill Neies dozou bäizedroen. Ech wëll mech, dat ass déi éischt Konklusioun, déi ech doraus zéien, probéiere kuerz ze faassen, woubäi ech awer net verpasse wëll mäi Bedaueren auszedrécken, datt déi Diskussioun, déi wichteg ass, déi jo och geplangt war, wéi d'Gesetz 1999 gestëmmt ginn ass, well vun alle Säite gesot gi war, mir wëssen net wéi dëst an dat sech auswierkt, wéi et evoluéiert, wéi d'Betriber dobausse mat där neier Gesetzgebung a Reglementatioun eens ginn, datt mer no enger gewësser Zäit eis nees zesummesetzen, eng Bilanz maachen, an da probéieren dat, wat net gutt ass a wat verbesserungsfäeg ass, ze verbesseren.

Ech denken, dat war den Objet vun der Interpellatioun, déi den Här Gira zu Recht ugefrot huet. Leider hu mer op dem Dag vun haut, wann ech richteg gezielt hunn, 11 Projeten um Ordre du jour, dat och nach zesumme vermëscht mat zwee Projeten, déi zwar schonn déi Gesetzgebung betreffen, mä déi ënnert engem gewëssenen Drock - wéinstens deen een - hei abruecht gi sinn, an dee ganzen Exercice, deen een hätt missen an der néideger Rou a mat där néideger Distanz maachen, an och an Zesummenaarbecht mat deene Concernéierten, deen ass hei, wéi mir op Lëtzebuergesch soen, net nëmmen e bëssen, mä ganz vill verrubbelt ginn.

Et muss ee bedaueren, datt och fir deen Débat hei déi Bilanzéierung, déi hätt misse gemaach ginn, net konnt gemaach ginn, a mir drécke vun eiser Säit d'Hoffnung aus, datt trotz der Interpellatioun, déi dann elo stattfënnt, a mer wuel net an dëser Sessioun, also bis zu de Wahlen, nach dozou kommen, een dann awer relativ séier duerno probéiert deen Exercice esou ze maachen, wéi en eigentlech soll gemaach ginn.

Et kënnt ee sech, Här President, hei amëséieren driwwer, datt de part et d'autre Scholdzouweisungen un d'Adress vun deene jeeweilege jëtzegen oder fréieren Responsabelen am Ëmweltministère geriicht gi sinn, well eng Partie Saachen net ëmgesat gi sinn, an nach ëmmer net ëmgesat sinn, obschonn dat, wéi dat jo hei unhand vun enger Rei Zitater gewise ginn ass, ëmmer erëm ugekënnegt ginn ass. Dat bréngt awer net vill. Mir musse vun eiser Säit aus feststellen, datt eng ganz Partie Saache verpasst gi sinn an nach ëmmer net ëmgesat sinn.

Här President, ech wollt e puer Wierder allgemeng soen. Eis Welt gëtt natierlech ëmmer méi komplizéiert. D'Techniken evoluéieren an et ass evident, datt mer als Prioritéit de Schutz vum Mënsch a vun der Ëmwelt mussen am A behalen. Mir mussen och als Prioritéit am A behalen, datt keng Konkurrenzverzerrungen dobaussen tëschent de Lëtzebuerger Betriber an deenen an anere Länner, an och tëschent eise Betriber hei um Territoire, entstinn. Op där anerer Säit, an dat ass jo den Défi an där ganzer Diskussioun, däerf et awer net dozou féieren, datt Betriber iwwert d'Mooss an hirer Entwécklung an an hirer Dynamik gebremst ginn.

Wann een dat vu bausse probéiert e bëssen ze kucken, da muss een awer bedaueren, datt de Volume vun all deem, wat u Virschrëften, u Reglementer, u Konditiounen, u Prozeduren, an d'Welt gesat gëtt, ëmmer zouhëlt. Wann een als Onbedarften de Code de l'environnement consultéiert, da gesäit een ongeféier wéi komplizéiert, datt dat Ganzt ginn ass, a wéi ganz besonnesch déi kleng Betriber deenen Ufuerderungen ëmmer manner gewuess sinn.

Et gëtt elo natierlech als Konsequenz dovunner gefrot, datt d'Verwaltung méi Leit soll kréien. Et ass hei festgestallt gi mat groussem Bedaueren, datt ausser deene sechs Leit, déi déi leschte Kéier accordéiert gi sinn, anscheinend - mir wäerte jo dann eng Äntwert vum Här Statssekretär kréien - net vill geschitt ass.

Et ass kloer, datt wann d'Reglementatioun, d'Gesetzgebung méi komplizéiert gëtt, datt dann natierlech och de Volume vun der Aarbecht wiisst a wann de Volume vun der Aarbecht wiisst, datt een dann och méi Leit braucht. Ech muss awer soen, et fänkt engem esou lues un ellen ze ginn. Wann ee kuckt, ech zielen hei just e puer Secteuren op, hei ass elo dee vun der Ëmwelt, deen ass immens wichteg. Do si mer eis alleguer eens, mir brauchen do méi Leit. Mir kennen dee vun der Nahrungsmëttelsécherheet. Mir haten hei en Hearing an et ass gesot ginn, mir brauchen dréngend méi Leit fir dat ze kontrolléieren.

Mir hunn e groussen Débat iwwert den Enseignement, iwwert de PISA-Debakel gefouert. Mir brauchen dréngend méi Leit, fir eis Schüler méi intensiv ze betreien, besonnesch déi, déi net esou gutt mat virukommen.

Mir féieren Débaten iwwert Dysfonctionnementer an der Justiz. Mir hunn de Moien och schonn e Gesetz gestëmmt. Mir brauchen dréngend méi Leit am Justizapparat, fir datt mer endlech mat den Délaië bäikommen. Mir brauchen dréngend méi Leit, an d'Regierung huet sech och engagéiert, am Beräich vun der Sécherheet, dat heescht d'Opstockung vun den Effectifer vun der Police. Ech kënnt nach an enger ganzer Partie Domäner virufueren.

Ech mengen, mir mussen, wa mer deen Exercice maachen, eis awer och d'Fro stellen, wou steiere mer hin, a wat kënne mer am Sënn vun der wierklech interner Effikassitéit vun de Verwaltungen a vun de Prozedure maachen, fir esou wäit wéi méiglech deem géigenzesteieren, fir eis Texter esou einfach ze maachen an eng ganz Partie Kontradiktiounen erauszehuelen, an op där anerer Säit selbstverständlech d'technesch Equipementer der Zäit unzepassen, fir dach awer der grousser Gefor entgéint ze wierken, datt mer eis, wat d'öffentlecht Personal ubelaangt, an en Déséquilibre vis-à-vis vun der aktiver Wirtschaft erabewegen, deen einfach net méi gutt ka sinn, an dee mer als Lëtzebuerger Stat um Enn net méi packen.

Dat ass eng vun de grousse Warnungen, déi mir hei wëllen ausspriechen. Ech wollt am Zesummenhank mat deem wat hei fir d'lescht diskutéiert ginn ass, der Reform vun der Ëmweltverwaltung an der Schafung vun der Division des établissements classés, iwwert déi ee ka gedeelter Meenung sinn, en neie Gedanken hei mat erabréngen, dee vläicht e bëssen absurd kléngt.

Mir wossten a mir hunn erlieft, wéi schlecht datt de Registre du commerce fonctionnéiert huet. Archaisch, wéi zu Anno Tubak, iwwerhaapt net informatiséiert an esou weider, an et waren, wéi dat Gesetz hei gestëmmt ginn ass, Leit, déi sech schwéier gedoen hu fir ze akzeptéieren, datt de Privatsecteur an déi ganz Verwaltung vun deem wat d'Gesellschaften ubelaangt sollt mat eragezu ginn, mä esouwäit wéi ech jiddefalls héieren hunn, stellt sech awer eraus, datt et keng schlecht Approche war, well wéi gesot de Privatsecteur ganz aktiv do matmécht.

Ech froe mech, ob een net soll alles wat hei Kommodo/Inkommodo ass, wou ech och der Meenung sinn, datt ee soll op där anerer Säit d'Inspection du travail do mat zesummeféieren, fir datt et méiglechst effikass ass a méiglechst wéineg Dualitéit an deem Ganze gëtt, net vläicht ähnlech, mä wann ech mech gutt erënneren ass do e Groupement d'intérêt économique geschafe ginn, datt een esou eppes géing schafen, wou selbstverständlech de Stat mat senger Autoritéit a senger Obligation de contrôle dran aktiv ass, mä wou awer och gläichzäiteg de Privatsecteur mat senger Dynamik géing méi mat involvéiert ginn, wéi dat bis elo de Fall war.

Här President, ech hunn zu dem Projet A e bëssen d'Kriticke gelies vun deenen zwou Chamberen, déi vläicht am meeschte betraff sinn, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers, déi eng Partie Saache kritiséieren. D'Chambre de Commerce virun allem, datt wierklech ze wéineg Personal do wär. Dat iwwerhuele mer dann als Kritik mat deene Reserven, déi ech awer elo grad gesot hunn. Mir mussen trotzdeem kucken, dass dat net ausufert. An déi Fro ass jo och scho virdrun hei opgeworf ginn. Si froen sech, wéi et ass mat dem Régime spécifique fir eng Partie Typë vun Etablissementer. Ech mengen, op deem Wee muss ee weidergoen, fir d'Prozeduren ze vereinfachen, a si froen och de Reklassement vun enger Rei vun Etablissementer an d'Klass 4, wat méi eng Approche réglementaire géing zouloossen.

Ech denken, datt d'Regierung gewëllt ass op deem Wee weiderzegoen, fir wéi gesot d'Saachen ze vereinfachen. Bis elo konnte mer jiddefalls kee grousst Fortkommes an deem Domän feststellen.

Och d'Chambre des Métiers äussert Kriticken, woubäi eng relativ schaarf ass, wou se seet, datt verschidde Prozeduren aus der IPPC-Direktiv, déi spezifesch Kategorië vun deenen Etablissementer viséieren, op all Etablissementer géingen ausgedehnt ginn. Ech wär frou, wann den Här Statssekretär e Wuert dozou géif soen.

Als Konklusioun hält d'Chambre des Métiers fest, datt trotz all deem wat geschitt ass, virun allem PME artisanales ëmmer méi konfrontéiert si mat Gesetzer a Reglementer wat d'Prozeduren ubelaangt, an datt se deem ëmmer manner gewuess wären.

Wat d'Oppositions formelles vum Conseil d'Etat ubelaangt, muss ech soen, datt wann ee probéiert sech mat där Argumentatioun auserneen ze setzen, wat net einfach ass, datt se effektiv schwéier nozevollzéie sinn, an datt mir jiddefalls zur Konklusioun komm sinn, datt dat keng Ursaach ass, déi de Principe de l'égalité devant la loi, de Principe vun der Securité juridique, wou de Statsrot mengt e wär a Fro gestallt, datt dat dach awer net stéchhalteg ass.

Ee Punkt, mat deem ech mech nach wollt e bësselche méi befaassen, ass dee vun der Cessation d'activité. Op der Säit 35 vum Rapport gëtt gesot, datt de Minister an de Buergermeeschter, deementspriechend wéi hir Kompetenze sinn, «fixent les conditions au vu de la sauvegarde de la restauration du site y compris de la décontami-

nation, l'assainissement, et le cas échéant la remise en état et toute autre mesure jugée nécessaire pour la protection des intérêts visés à l'article 1er», an da geet et weider, datt déi Dispositiounen sech och dann applizéieren, wann d'Cessation d'activité net deklaréiert gëtt, mä wa se vun der Autorité compétente festgestallt gëtt. Dat si ganz gutt Prinzipien, déi bis elo schonn deelweis am Gesetz stongen.

Ech muss awer soen, wann ech d'Praxis kucken, dann ass hei vill Arbitraire méiglech. Loosse mer soe wéi et ass, an et ass eigentlech just dat wat mer net wëllen, an ech referéiere mech op dat wat de Moment op dem fréiere Site ARBED-Belval geschitt mengen Informatiounen no. Här Minister, et géing mech interesséiere wéi d'Regierung gewëllt ass an deem wierklech immens voluminéisen Dossier virzegoen.

Well wann een héiert, datt kleng Betriber, wou vläicht Pollutioun entstanen ass d'Messer un d'Strass gesat kréien, wa se ophalen, wou et heiansdo ganz vill Geld kascht, fir déi Siten ze décontaminéieren a fir se an d'Rei ze setzen, an et gesäit een, datt op där anerer Säit d'ARBED 125 Milliounen den Hektar kritt fir e Site, deen deelweis contaminéiert ass, a wou jo anscheinend dann och nach Drock gemaach gëtt, datt déi Obligation de décontamination, wann een dat héiert, wat esou dorëmmer gepëspert gëtt, soll domadder geschéien, datt einfach Buedem drop getippt gëtt, ech weess net, ob dat anerwäerts zougelooss géif ginn, datt dann eng ARBED 125 Milliounen den Hektar kritt an aus hirer Obligation de décontamination entlooss gëtt. Da si mer awer an enger ganz schwiereger Problematik, an zwar erëm eng Kéier an enger vun zweeërlee Mooss a Gewiicht.

Här Minister, ech wär frou, wann Der iwwert d'Approche, déi d'Regierung an där Matière do huet, eis eppes kéint soen, ganz besonnesch och vis-à-vis vu klenge Betriber, déi heiansdo keng grouss Moyenen hunn. Well dat dote ka jo ganz wäit goen, dat ka jo esou wäit goen, datt ee seet, et muss alles wat op deem Site stong ënner Ëmstänn ofgedroe ginn. A wann ech et richteg gelies hunn, da géing dat scho ganz wäit féieren.

Här President, ech wëll, wéi ech ugekënnegt hat, ofschléissend - et wär nach enorm vill zu där Matière hei ze soen - soen, datt mir déi zwee Projeten net stëmme wäerten, deen een, do sinn ech nach net weider drop agaangen, well effektiv bei där Impaktstudiendirektiv, wou mer riskéiere condamnéiert ze ginn, an déi schonn enorm laang ënnerwee ass, d'Geleeënheet verpasst ginn ass, fir dat mat anzebauen. Op där anerer Säit, wat den Här Bodry hei virgedroen huet, wat am Fong geholl déi Konditioune vun der Nominatioun vum Direkter oder vum Directeur adjoint ubelaangt, do kann ech mat de Wierder vun enger ganz prominenter DP-Politikerin nëmme soen: Dat kann dach net sinn!

Aus deem Grond an och aus anere Grënn wéi déi ganz Verwaltung organiséiert ass, wäerte mir och deem Gesetz eis Zoustëmmung verweigeren. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statssekretär Eugène Berger. Den Här Berger huet d'Wuert.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech wéilt fir d'éischt deenen zwee Rapporteure merci soe fir ganz pertinent schréftlech a mëndlech Rapporten. Ech wëll awer och dem Interpellant merci soen, well dat mir wäert herno d'Geleeënheet ginn, fir zu verschiddene Punkten emol eng Kéier kloer hei op der Chamberstribün Stellung ze huelen.

Et ass esou, bei deem éischte Projet, deen hei um Ordre du jour ass, geet et ëm en Amendement zum sou genanntene Kommodosgesetz. Effektiv ass do eng grouss Urgence, well déi Amendementer, déi mer an d'Kommodosgesetz eragesat hunn, sinn am Fong geholl eng Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv, där sou genannter IPPC-Direktiv. Mir mussen also hei Texter vun 1999, déi deemools net optimal formuléiert waren, nach finaliséieren.

Et ass esou, dass d'Kommissioun vu Bréissel ënner anerem gefuerdert huet, dass eng Dispositioun an eis national Texter muss erakommen, déi festhält, dass fir bestëmmte Betriber, sou genannten IPPC-Betriber, spezifesch Konditiounen an den Autorisatioune kënne festgeluecht ginn. Wéi gesot, well dat 1999 net gemaach gi war am Text, hu mer missen hei déi Aarbecht nohuelen. Et ass eng gewëss Urgence, well jo och schonn eng Mise en demeure bei der Cour de justice gemaach ass. Mir kréie wahrscheinlech eng Citatioun virun d'Cour am Dezember 2003. Et ass also wichteg, dass mer der europäescher Obligatioun hei komplett nokommen an eis Texter an deem Sënn adaptéiere virum Dezember vun dësem Joer.

Vu dass de Conseil d'Etat d'Chamber net vun engem zweete Vote wëllt entbannen, d'Chamber villméi nach eng Kéier muss an dräi Méint dëse Projet stëmmen, ass et also noutwendeg, dass mer deen Text hei virun dem Summercongé kënne guttheeschen.

Ech wéilt direkt e kuerze Kommentar maachen zu där Opposition formelle vum Statsrot. D'Regierung an, ech mengen, och d'Chamber gi jo normalerweis net liichtfankeg mat deenen Opposition-formellë vun der héijer Kierperschaft ëm. An dësem Fall si mer awer, op alle Fall wat d'Regierung ubelaangt, mä och d'Majoritéit, no enger detailléierter Analys zur Konklusioun komm, dass hei eng falsch Interpretatioun vun dem Artikel 13bis, ëm deen et jo geet, gemaach ginn ass. Wann ee géif där Opposition formelle Rechnung droen, da géife mer am Fong geholl am Krees dréinen, well da kéint ee sech iwwerhaapt froe firwat mir dann elo versicht hu während zwee Joer ze légiféréieren, well da wäre mer nämlech an der Situatioun, wou mer 1999 waren.

Fir dat kuerz ze illustréieren, d'Kommissioun seet: Dir musst eng Dispositioun vun der Direktiv an den Text vun dem Corps de la loi setzen. An enger éischter Etapp hate mer dat versicht iwwer e Reglement ze spécifiéieren. Dunn huet de Conseil d'Etat gesot: Neen, schreift déi Dispositioun an de Corps de la loi eran. Dat hu mer also dunn an engem zweete Worf gemaach. Elo seet de Conseil d'Etat: Huelt en erëm ganz eraus. Also Dir gesidd, do bäisst dann d'Kaz sech an de Schwanz a mir mussen also op dee Wee goen, dass mer dat dann nach eng zweete Kéier stëmmen, haaptsächlech och fir eben deene Fuerderunge vun der Kommissioun nozekommen, fir déi IPPC-Direktiv komplett ëmzesetzen. Ouni deen Artikel 13bis géife mer riskéiere vun der Cour de justice veruerteelt ze ginn.

Den Här Gira huet a senger Interventioun och drop higewisen, dass et hei anscheinend och géif ëm eng Impaktstudiendirektiv goen, an dass déi nach net ëmgesat wär. Ech wéilt preziséieren, dass deen heiten Text, deen Deel, dee vum Environnement ofgedeckt gëtt, wat d'Impaktstudiendirektiv ubelaangt, ëmgesat gouf iwwer e Reglement, wou och de Statsrot domat d'accord war.

Et ass kloer, datt fir d'Stroossen, fir d'Eisebunnslinnen, respektiv fir e gréissere Flughafen e spezifeschte Gesetz fir déi Betriber, fir se emol esou ze nennen, fir déi Objeten, e spezifesche Projet de loi kënnt. Firwat? Well mer gemengt hunn, nodeems en Aarbechtsgrupp sech intensiv domadder beschäftegt huet, dass et méi sënnvoll wär, an och am Sënn vum Matsproocherecht vun de Bierger, dass ee fir déi Objeten do misst nach praktesch eng Prozedur virschalten zur Kommodosprozedur, fir dass een also och zum Beispill ka Variante studéieren, an datt schonn dee Moment de Public eventuell kann Asproch erhiewen.

Wann ee bei deenen Objeten, déi ech elo genannt hunn, zum Beispill bei de Stroossen, nëmme géif iwwert dee klassesche Kommodo fueren, da géif een au départ Variante festleeën an herno kéint nach just d'Ëmweltverwaltung sech mat jo oder mat neen dozou ausschwätzen. Et kéint een also do net verschidde Variante studéieren. Dat ass d'Haaptursaach firwat deen Deel net hei an dësem Gesetz berücksichtegt ginn ass. Fir all déi aner Betriber hu mer awer e Reglement duerch deen d'Impaktstudiendirektiv ëmgesat ass.

Ech wëll och preziséieren, dass dee Projet de loi, vun deem den Här Gira geschwat huet a gefrot huet wéini en da géif kommen, dëse Freiden am Regierungsrot ass. Esou dass deen do dann och vun der Regierung wäert ofgeseent ginn, an dass beim zweete Vote dee Projet sécher och virläit, an da kann dann och, wann nach e Problem ass, dozou geschwat ginn.

Bei dësem Projet de loi hu mer d'Geleeënheet genotzt, fir verschidde kleng Adaptatioune vum Gesetz vun 1999 ze maachen, déi sech aus der administrativer Praxis erginn hunn, an déi virun allem och a Richtung méi Transparenz ginn, wéi zum Beispill verstäerkt Informatioune vun de Gemengen.

Nei ass och, dass ee muss am Moment vun der Demande an och herno conforme si mam Bebauungsplang, well een do alt soss an déi Situatioune komm ass, dass een am Ufank en Dossier eraginn huet, an dass herno en cours de route eppes changéiert huet. Dann hunn d'Leit vläicht e schwéieren, komplizéierten Dossier instruiéiert, an duerno kruten se gesot, et deet eis Leed, dat geet net. Dat heescht elo kucke mer d'office, wann en Dossier erakënnt, an dat ass och elo am Gesetz festgeschriwwen: Ass den Objet conforme zum Bauperimeter? Wann dat net de Fall ass, da soe mer direkt de Leit: Fuert net weider, do ass e Problem!

Ech mengen, dat sinn also och e puer Elementer an deem Text, déi sécherlech awer wichteg sinn, well déi sech aus der Praxis erginn hunn.

Ech géif dann direkt op den zweete Gesetzesprojet agoen, wou et ëm verschidden Adaptatioune vum Verwaltungsgesetz vun der Ëmweltverwaltung geet. Dat si verschidde kleng Adaptatiounen. Op där enger Säit geet et dorëm eppes ze ännere fir d'Ingénieuren, déi am Grad 13 sinn, an déi bei der Ëmweltverwaltung net automatesch an de Grad 14 komme kënnen, well do am Gesetz vun 1980 festgeschriwwe gi war si missten eng spezifesch Formatioun hunn am Ëmweltberäich. Dat hat vläicht 1980 Sënn, well deemools d'Ingénieuren vläicht nach net konnte Studie maachen, déi an deem Beräich offréiert gi sinn, hautdësdags hunn awer all déi Ingénieuren, déi mer astellen, do ganz spezifesch Formatiounen, och am Ëmweltberäich, also ass dat mëttlerweil, wéi soll ech soen, praktesch sënnlos ginn.

D'autant plus misste mer soss déi Beamte ee Joer oder méintelaang a Formatioune schécken, an da kéinten se net an der Verwaltung schaffen. Ech mengen, dat ass hei, kéint ee soen, e bëssen eng Saach vun engem Härtefallgesetz, wou mer eben och kucken, dass déi Ingénieuren déiselwecht Konditiounen hunn, wéi déi an deenen anere Verwaltungen.

En zweete Punkt ass deen, dass déi gesamt Carrière supérieure an der Verwaltung eventuell kann en Direktechposte briguéieren. Obwuel ech herno nach eng Kéier wollt drop agoen, wëll ech hei awer direkt eppes ganz kloer stellen, besonnesch opgrond vun der Interventioun, déi den Här Bodry gemaach huet, mat Insinuatiounen, déi ech hei net kann akzeptéieren, oder hie soll se nach méi kloer formuléieren.

***(Interruption)***

Et ass esou, dass d'Regierung hei en Text proposéiert huet, dee genau deeselwechte war wéi bei der ITM, dass de Conseil d'Etat deen heiten Text, Här Bodry, wéi en elo formuléiert ass, geschriwwen huet, an net d'Regierung an och net d'Ëmweltkommissioun. Da musst Dir lech also um Conseil d'Etat reiwen. Wann Dir och Problemer hutt, dass e Jurist kann Direkter ginn, da wonnert mech dat just, well Dir jo och selwer e Jurist sidd.

***(Interruption)***

Dir sollt och eis Amendementer an och den Avis vum Statsrot liesen. Et ass kloer, dass dat doten en Text ass vun der Direktioun vum Statsrot, dee mer komplett suivéiert hunn.

Den drëtte Punkt ass dee vun der Divisioun. Effektiv ass et esou, dass mëttlerweil 40% vun de Leit vun der Verwaltung an engem Service schaffen, wou mëttlerweil och eng Rei Ingénieure sinn. Dat sinn net nëmmen Ingénieurs techniciens. Dat däerf an engem Service sinn, fir dass ee kann dee grousse Service besser strukturéieren, organiséieren. Et ass sënnvoll fir eng Divisioun ze hunn, well een dann Ënnerservicer ka maachen, wou sech dann do déi eenzel Beamte mat spezifeschen Dossiere beschäftegen.

Et ass och net esou - hei hunn ech och gemengt dat esou e bëssen erauszehéieren -, dass do dann awer lauter Leit wieren am Service des établissements classés, déi net kompetent wären, fir sech awer och emol méi fundamental mat Dossieren ausernaner ze setzen. Och dat wëll ech kloer zréckweisen. Do sinn eng Rei Ingénieuren, déi do ganz wichteg a gutt Aarbecht maachen. Ech kommen herno dorobber zréck.

***(Interruption)***

Här Gira, et sinn der mëttlerweil méi wéi zwee, mä ech kommen herno dorobber zréck, wa mer beim gesamte Personal kucke wéi et domadder steet.

Wat d'GSM-Antennen ubelaangt, hu mer zum Beispill mëttlerweil hei zu Lëtzebuerg eng vun deene strengste Virgaben a ganz Europa, 3 Volt/Meter, dat ass vun deene Leit aus dem Service Etablissements classés ausgeschafft ginn. Dernieft besteet och haut schonn, an dat ass och an Zukunft esou, an dat ass an enger interner Circulaire festgehalen, datt wann e spezifeschen Dossier do ass, dee méi Divisioune concernéiert, all d'Divisioune mussen zesummeschaffen. Dat ass eng Circulaire vum Minister, déi respektéiert gi muss.

Ech wëll also nach eng Kéier preziséieren, datt dat hei punktuell Adaptatioune sinn, déi sech aus der Praxis erginn hunn. An ech muss soen, datt ech wierklech och erstaunt sinn iwwert dem Här Bodry seng Proposition de loi, an ech weess net, ob déi Proposition de loi eescht gemengt ass, well soss hätt hien dat scho kéinte laang virdru maachen. Hien hätt et virun 1999 kéinte maachen. Hien huet et deemools emol net ugekënnegt, well doranner war ech ëmmer ganz staark, hien hat et deemools emol net ugekënnegt.

***(Interruption)***

Ech weess just, datt den Här Bodry sech deemools net vill ëm d'Ëmweltverwaltung gekëmmert huet, wann ee gesinn huet wat fir eng Dossieren hien do leie gelooss hat…

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

…mat deenen déi nei Regierung vill Aarbecht hat. Et war esou, datt emol an der Ëmweltverwaltung keen offiziellen Organigramm existéiert huet virun 1999.

Ech muss awer och feststellen, datt den Här Bodry hei eng Note interne vun der Direktioun, déi net dofir gefrot war, als Proposition de loi déposéiert huet. Dat nennt ee kopéiert, an, Här President, erlaabt mer, datt ech awer ech fannen, datt dat en zimlech fragwürdege Stil ass, wann en Deputéierten einfach eng Note interne telle quelle als Proposition de loi hei déposéiert, an dat sech dann och nach wëllt un den Hutt schreiwen.

***(Interruptions)***

Den Här Bodry huet och insistéiert: Kritt d'Direktioun déi Leit ze héieren? Ech muss soen, datt déi Leit aus der Direktioun net déi Note gefrot gi waren, respektiv datt awer déi zwee Leit aus der Direktioun - et waren der net dräi - och net all déi aner Beamten aus der Direktioun gefrot hunn. Wann et nämlech wierklech hei ëm d'Saach geet vum Kommodo, dann hätten se och sollte fir hir Note de ganze Service oder déi ganz Verwaltung froen. Wa mer fundamental Reforme maachen, da froe mer se alleguerten an net nëmmen zwee Leit aus der Direktioun.

***(Interruption)***

Et sinn op alle Fall déi, déi scho virdrun do waren, dat si keng, déi mir agesat hunn.

***(Hilarité et interruption)***

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Déi topech Tëschebemierkungen do, Här President, dat dote geet net!

***(Hilarité)***

Hei d'Kompetenz vun Ärem Direkter vun der Ëmweltverwaltung, dee jorelaang dat dote mécht, deen elo vun der Regierung agesat ginn ass fir dat Wasserwirtschaftsamt opzesetzen, hei duerch topech Tëschebemierkungen erof ze maachen, ech fannen dat inakzeptabel fir eng Partei, déi sech normalerweis ëmmer als Protecteur vun der Fonction publique hei hiergëtt.

***(Interruptions)***

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Här President, sécherlech kann ee sech méi fundamental Gedanken iwwert eng Reform maachen, mä dann ass sécherlech dës Proposition de loi net pertinent genuch an net komplett genuch.

Mir hunn och gesot, an dat wäerte mer och duerchzéien,…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

…datt mer an der…

M. le Président.- Loosst dach de Riedner schwätzen!

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Här President, ech hat gesot, datt mer also sécherlech kéinten…

M. le Président.- Dir dierft lech och net provozéiere loossen, Här Berger. Fuert roueg virun.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Ech loosse mech net provozéieren, Här President.

***(Hilarité et interruptions)***

Här President, et kann een also iwwert eng méi fundamental Reform vun der Ëmweltverwaltung nodenken. Mir maachen och dofir den Audit, an da froe mer alleguerten d'Leit an der Verwaltung, an net nëmmen zwee Leit. An da muss

een och kucken, datt een da wierklech all Aspekter vun enger Reform berücksichtegt, net nëmme wéi d'Struktur vun enger Verwaltung ass, mä wéi een d'Personal kann nach besser asetzen, an och kucken, wat vun neien Aufgaben op eng Verwaltung zoukënnt. Zum Beispill - et ass virdrun erwähnt ginn - eng Division de la chimie, kéint ech mer virstellen, fir all déi Dossieren ze traitéieren, déi zu Bréissel an deem Kontext lafen. Et gëtt ganz vill geschwat iwwer Cycle de vie, Méthode de production, och do kéint ee sech iwwerleeën, ob esou eppes net sënnvoll wär an enger Ëmweltverwaltung. Eng Inspection générale de l'environnement, do kéint een och driwwer nodenken.

Och hei vläicht nach eng kuerz Remarque zur Kontroll, wou den Här Bodry gemengt huet, datt dat sécherlech awer wierklech eng Saach wier, déi net akzeptabel wär. Här President, ech kann Iech just soen, datt virun 1999 och d'Leit aus dem Service des établissements classés Kontrolle gemaach hunn. Wat also virun '99 ëmmer gutt war, ass anscheinend elo net méi gutt. Den Här Bodry soll mer dann do méi prezis Erklärunge ginn.

Ech wëll einfach nëmme soen, datt och eng Division de l'énergie oder all déi Engerieaspekter, an enger Verwaltung sécher sënnvoll traitéiert kënne ginn. Mir mussen also kucken, am Audit, datt mer do eng kloer Indicatioun kréien. Ech kann Iech och soen, datt den Audit bei eis net leie bleift. Et ass net wouer, datt mer bei deem Audit vun der Forstverwaltung näischt gemaach hunn. Do sinn eng ganz Rei Pilotprojeten amgaangen an do wäerte mer och deemnächst hei d'Chamber mat engem Gesetzestext befaassen.

Et muss een awer och wëssen, wann een esou Audite mécht, wann ee wëllt grouss Reforme maachen, da muss een och dat néidegt Personal hunn. An der Theorie kann een ëmmer déi schéinsten Organigrammen zeechnen, opsetzen, mä da muss een herno dann och dat entspriechend Personal hunn.

Ech wëll och drop hiweisen, datt all d'Chamberen zu deene Propositiounen, déi mir hei gemaach hunn, fir déi wierklech - ech betounen - minimal Reformen, respektiv dat Härtefällgesetz hei, och e positiven Avis ginn hunn, an ech wëll wierklech hei net akzeptéieren, datt ech Lektioune vum fréieren Ëmweltminister an där Saach kréien. Hien hat laang genuch Zäit fir et da besser ze maachen.

Ech wëll och just soen, wann den Här Bodry an d'LSAP eisen Text net stëmmen, da muss ech feststellen, datt d'Sozialisten éischtens géint d'Intérête vu ronn 10 Beamten an der Ëmweltverwaltung stëmmt, an do sinn och déi Détachéiert vun der Gestion de l'eau dobäi, well da blockéiert hie se am Grad 13. A wann d'LSAP géint d'Division des établissements classés ass, da stëmmt se géint den Intérêt vu mëttlerweil iwwer 20 Beamten, déi all Dag mat vollem Asaz schaffen, och fir d'Altlaaschte vum Här Bodry opzeschaffen.

***(Brouhaha général)***

De leschten Deel, Här President, ass dee vun der Interpellatioun vum Här Gira iwwert déi nei Praxis vun dem Gesetz iwwert d'Etablissements classés. Ech wëll hei betounen, datt ech speziell zum Aspekt Environnement bei den Etablissements classés wäert schwätzen. Ech mengen, den Emile Calmes hat schonn drop higewisen, datt et natierlech och en aneren Aspekt gëtt, dat ass dee vun der ITM. Bon, ech sinn och vläicht e bëssen erstaunt, datt just haut dee Volet Environnement hei diskutéiert gëtt, mä da kann ech eng aner Kéier dat nohuelen. An ech mengen ech hunn elo verschidde Remarken och scho gemaach a puncto vun der Aarbecht, déi mer do iwwerholl hunn an déi de fréieren Ëmweltminister do an deem Domän hannerlooss huet, an dat gëtt dann also och eng gutt Iwwerleedung zu deem Sujet.

Ech wéilt och dann direkt mat e puer Zuelen an de Vif du sujet eraklammen. Opgrond vun der Question parlementaire kann een also nach eng Kéier confirméieren, datt mer 1999 an der Verwaltung 2079 Kommodosdossiere virfonnt hunn, déi net traitéiert oder ofgeschloss waren.

***(Interruption)***

2079.

Et war also kloer, datt e seriöen administrative Problem virlouch, dee weder am Sënn vun der Ëmwelt war, nach am Sënn vun de Betriber, déi en Dossier ugefrot hunn. Et war also kloer, datt mer hu missen nei Jalone setzen, dat war eng absolut Noutwendegkeet vun der neier Regierung fir do Remedur ze schafen. Wat mer gemaach hunn, dat ass effektiv, datt mer gekuckt hunn, datt kloer Délaien agehale ginn. Op där anerer Säit hu mer och de Service vun den Etablissements classés ganz nei organiséiert, nei strukturéiert. Ech mengen eng vun deenen éischten Handlunge war dann natierlech och déi fir en neie Responsablen ze nennen, deen déi Missioun kritt huet.

Ech muss och soen, datt mer niewent deene Moossnamen de Service restrukturéiert hunn, well do huet missen eppes geschéien, bei all deene Problemer. D'Regierung huet, well dat natierlech och deelweis mat Personalproblemer zesummenhänkt, systematesch de Service an de leschte Jore mat neiem Personal opgestockt. Niewent deene Leit, déi am Gesetz stoungen, sinn der nach all Joer derbäikomm. 1998 war et net esou, datt der 15 ganz am Service geschafft hunn, et waren der 9, déi zu 100% an deem Service geschafft hunn, a 7 zu 50%. Et waren also emol keng 15 Beamten do. Mëttlerweil sinn déi vum Gesetz dobäikomm. Mir hu 6 Beamten an deene leschte véier Joer agestallt, haut si mer bei 22 Beamten. Fir d'nächst Joer sinn normalerweis, souwäit meng Informatioune sinn, och nach zwee neier virgesinn, am Numerus clausus, esou datt mer also do och eiser Missioun gerecht gi sinn an d'Verwaltung mat Personal opgestockt hunn.

Bon, wéi wierkt sech dat dann elo op den Traitement vun den Dossieren aus? Och hei schwätzen d'Zuele fir sech. Mëttlerweil ginn all Joer ronn 950 Dossieren - Klass 1, d'Klassen 3 - vun der Verwaltung verschafft. Dat ass déi eng Saach. Dernieft gëtt och nach dee Bierg vu virdru lues ofgebaut, a mir hunn do vun deenen 2079 der mëttlerweil 1300, nieft där anerer Aarbecht, mat ofgebaut. Ech mengen, dat ass och eng enorm zousätzlech Belaaschtung fir d'Personal, fir déi Laaschte vu virdrun nieft deenen neien Dossieren ze traitéieren, d'autant plus datt déi nei Dossiere jo och ganz kloren Délaien ënnerleien. An ech wëll hei wierklech e grousse Merci an eng grouss Unerkennung fir de Chef de service an all seng Leit ausschwätzen, well se do wierklech ganz gutt Aarbecht maachen, och wa se net gefrot ginn, wann dann d'Direktioun eng Reform wëllt maache vun der Verwaltung.

Et muss een och feststellen, dass déi al Dossieren, déi mer nach do leien hunn, net ëmmer déi einfachst sinn. Et ass net esou, dass een déi kann einfach mat erduerchhuelen. Praktesch all déi grouss Kommodosdossieren - ech wëll elo hei keng Nimm vu Betriber nennen, mä ech kann awer eng Kéier der Ëmweltkommissioun eng Lëscht zoukomme loossen - louche säit Joren an der Verwaltung, ouni dass deen zoustännege Minister sech drëm gekëmmert huet oder kloer Instruktioune ginn huet.

Dat war leschten Enns och net am Intérêt vun der Ëmwelt, well déi Betriber, déi potenziell méi ëmweltbelaaschtend sinn, keng kloer Virgabe krute wéi se misste funktionéieren. Do waren Dossieren, déi vun 1992/1993 do louchen. Ech wëll elo hei net op der Place publique déi Lëscht erausginn, mä ech kann awer, wann dat gewëllt ass, der Ëmweltkommission déi grouss Dossiere ginn, déi säit Joren do louchen.

Ech ka just soen, dass op alle Fall säit 1999 keng Dossiere méi op de Koup geluecht ginn. Mir kënnen dat net, well et ass kloer, datt genau Délaien an de Gesetzer sinn.

Ee Wuert zu den Délaien. Et ass esou, dat ass och eng Bilanz, déi een hei ka presentéieren, dass 80% vun den Dossieren an den Délaien, déi am Gesetz virgeschriwwe sinn, ofgeweckelt ginn. 20% hunn e Retard tëschent enger Woch an engem Mount. Et ass kloer, dass een ëmmer, wann een en Eenzelfall huet, deen erauspicke kann a soe kann, dat ass awer dee Betrib.

Effektiv, mech stellt et och net zefridden, dass nach 20% vun den Autorisatiounen e klenge Retard hunn. Et muss een awer och akzeptéieren, dass dat keng grouss Délaië si vu Joren, dat ass wéi gesot vun enger Woch oder engem Mount an der Moyenne, mä mir hätte gären, dass mer déi Autorisatioune kënne just in time ausstellen. Et muss een awer och soen, dass dat net ëmmer bei der Ëmweltverwaltung läit. Et ass zum Beispill esou, dass dann en Dossier op d'Gemeng geet, Klass 1, dass do d'Gemeng normalerweis misst an engem kuerzen Délai, den Dossier erëmschécken, mä dass dat awer heiansdo Wochen a Wochen dauert. Mir haten ee Fall, wou eng Gemeng siwe Méint den Dossier gehalen huet no der Enquête publique, amplaz en erëmzeschécken. Dann ass et fir d'Ëmweltverwaltung natierlech ganz schwéier, fir d'Délaien anzehalen. Dat fir ze soen, dass mer sécherlech an den Délaien nach e klengen Effort musse maachen, mä dass et awer och net ëmmer un der Ëmweltverwaltung läit, wann déi e klenge Retard huet.

Et ass och emol monéiert ginn, dass duerch déi vill Dossieren, déi ze maache sinn, d'Qualitéit vun den Arrêtéen, déi geholl géife ginn, ofhëlt. Och deem wëll ech widderspriechen, an do kann ee jo dann emol eng Kéier mat Beispiller dat vläicht analyséieren, ob dat säit 1999 de Fall ass oder net.

Ech muss soen, dass mer iwwer 80% vun de Recoursen, wou Leit net mat der Autorisatioun d'accord sinn, och zum Beispill Leit, déi mengen, et wären net streng genuch Normen oder streng genuch Autorisatiounen, als Ëmweltverwaltung an als Ministère gewannen, wou also d'Verwaltung Recht kritt. Et ass esou, dass ganz oft, wa mer Prozesser verléieren, dann ass dat um Artikel 17.2, wou gesot gëtt, de Bebauungsplang ass net conforme zu der Autorisatioun.

Et muss een och feststellen, dass de Kontakt mat de Requérantë sech verbessert huet, an dass versicht gëtt déi administrativ Prozeduren esou kloer an iwwersiichtlech wéi méiglech ze gestalten. D'Verwaltung huet dofir zum Beispill 36, Här Gira, Demandes-type fir Betriber ausgeschafft, déi dann d'Aarbecht méi einfach maache bei der Antragstellung, awer och eng Rei Exposéen, wou se da kënne kucke wéi normalerweis d'Verwaltung déi Dossieren traitéiert.

Och hei dann e Wuert zu den Normen. Et ass esou, dass mer hei zu Lëtzebuerg keng offiziell Normen hunn, dass mer eis effektiv am Ausland inspiréieren. Ech wëll awer drop hiweisen, dass et eng europäesch Gesetzgebung gëtt. Dat heescht, wann e Land eegen Normë fixéiere wëllt, da muss et fir d'éischt all déi aner Memberstate froen, ier dat da ka guttgeheescht ginn. Mir hunn der eng Rei op de Wee ginn, mä dat dauert relativ laang, well eventuell esouguer zum Schluss gesot gëtt, mat deenen Normen do sinn déi aner 14 Memberstaten haut, a muer wahrscheinlech déi 25 Memberstaten, net d'accord. An et ass einfach liichtfankeg ze soen, mir mussen nëmmen Normen opstellen. Do musse mer och déi europäesch Législatioun respektéieren. Mir mussen, wa mer kloer Normen hunn, dat zu Bréissel ufroen, ob déi aner Länner domat d'accord sinn. Mir hunn hei awer eng gewësse Planungssécherheet fir d'Betriber, datt mer an eisen Exposéë kloer déi Saache virginn, dass d'Betriber wëssen u wat se sech kënnen halen.

Déi Formulaire-Typen oder déi Demande-Typë sinn zesumme mat de concernéierte Chambres professionnelles ausgeschafft ginn. Ech mengen, do war eng ganz gutt Zesummenaarbecht.

Bei de Kontrolle schliesslech kann ee sech virstellen, dass do Verbesserunge mussen erreecht ginn. Et ass awer esou, dass e Betrib, ier en ufänkt, muss eng Réceptioun hu vun engem Bureau agréé. Et ass och esou, dass regelméisseg an enger Rei Betriber Kontrollen a Rapporte musse gemaach ginn. Zum Beispill Kronospan gëtt permanent vun der Ëmweltverwaltung kontrolléiert, d'selwecht Arcelor.

***(Interruption)***

Effektiv, well do Problemer sinn, an da muss d'Ëmweltverwaltung dem Betrib nei soe wéi en dann déi Korrekturen eventuell ka virhuelen. Wat ech nëmme wëll soen, dat ass, dass do net näischt gemaach gëtt. Et ass esou, dass do e permanente Suivi ass, dass sécherlech emol Panne passéieren, dass een dann awer direkt kann drop reagéieren.

Här Gira, Dir hat och kuerz gefrot iwwer d'CRTE. Effektiv hu mer do déi eng oder aner Kéier d'CRTE mat ageschalt, zum Beispill beim Dossier vum SIDEC, deen Iech jo wahrscheinlech wäert méi geleefeg sinn.

***(Interruption)***

Do ass awer e Suivi, Här Gira, well do e Lien ka gemaach ginn, dass bei deenen Oplagen, déi eventuell iwwert de Kommodo gefuerdert sinn, den CRTE ka kucken, ob déi pertinent si fir dee Betrib. Dat huet ganz kloer eppes domadder ze dinn.

Dir hat och kuerz vun EMAS 14001 geschwat. Effektiv ass et esou, dass hei zu Lëtzebuerg net ganz vill Betriber bis elo den EMAS gemaach hunn, dass mer awer eng Campagne lancéieren an deem Domän. Mir hunn eng Expertin, déi fréier an deem Domän geschafft huet an der Europäescher Kommissioun, déi hei zu Lëtzebuerg elo e Büro huet, domat chargéiert, fir eis eng Strategie virzeleeën, fir bei de Betriber kënnen Iwwerzeegungsaarbecht ze maachen, fir nei Betriber dobäizekréien.

Ech hu versicht op eng Rei vu Froen anzegoen. Nach eng Kéier, ech hu kee Problem, fir déi Zuelen ze presentéieren. Wann nach aner Demanden do sinn, kënnen déi roueg Abléck kréien. Ech stellen nëmme fest, dass mer awer eng net Verbesserung hunn emol vum Traitement vun den Dossieren. Op där anerer Säit ass et esou, dass mer eng Rei méi pertinent Dossieren a méi pertinent Arrêtéen huelen.

Dat ass am Endeffekt och am Intérêt vun der Ëmwelt, well dat soll een och net vergiessen, dass dat Gesetz vun 1999 net nëmmen als Virgab hat fir de Betriber et méi einfach ze maachen an der administrativer Prozedur, mä eng vun den Haaptiddien, eng Haaptphilosophie vun deem Gesetz ass awer och, dass mer eng besser Protektioun vun der Ëmwelt a vun de Mënschen hunn. Dat soll een net vergiessen. An hei hu mer och ganz vill Plusen ze verzeechnen, well d'Dossiere méi komplett musse sinn, méi Detailer gefrot ginn, méi Informatioune musse geliwwert ginn. Mir kënnen Normen, déi um europäesche Standard unerkannt sinn, dra schreiwen, an och Kontrolle kënne gemaach ginn.

Här President, ganz kuerz nach zur Motioun, déi déposéiert ginn ass. Et ass een natierlech ëmmer frou, wann een an enger Verwaltung méi Personal hätt. Ech muss awer soen, opgrond vun deenen Informatiounen, déi ech elo ginn hunn, kann ech mat deene Considérantë sécherlech net d'accord sinn, an ech géif der Chamber proposéieren déi net unzehuelen, d'selwecht wéi och d'Amendementer vun der sozialistescher Fraktioun, op déi ech virdrun agaange war, ofzeleenen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Gira freet Parole après ministre. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, just ganz kuerz fir awer e puer Remarken ze maachen. Éischtens hunn ech d'Gefill, dass dës Majoritéit an der leschter Zäit, wa se schlecht Kaarten an der Täsch huet, eng nei Method uwennt a praktesch probéiert hir Opponenten als Ligner duerzestellen.

Gëschter ass dat geschitt op enger Pressekonferenz vum Här Minister Wolter an dem Här Minister Biltgen. Do wäerte mer en anere Forum fannen, fir dorop ze äntwerten. Ech hunn och d'Gefill, dass eng Rei Leit ufänken nervös ze ginn, mä et wonnert mech vu mengem gudde Kolleeg Emile Calmes, dass deen elo déiselwecht Methoden ufänkt an hei wëllt duerstellen, wéi wann ech ni an der Kommissioun gefrot hätt, fir dee Bilan ze maachen. Här Calmes, wann Der behaapt, Dir hätt d'Rapporte vun der Kommissioun gelies, dann hutt Der se ganz schlecht gelies. Ech zitéieren Iech aus dem Rapport vum 14. Januar 2003, dat war viru sechs Méint, do hätte mer nach gutt Zäit gehat gewësse Saachen ze maachen.

Här President, ech erlabe mer ze zitéieren: «Monsieur Gira pose la question de savoir s'il ne serait pas plus opportun d'avoir au préalable une discussion de principe.»

Dat war wéi de Statssekretär eis de Projet virgestallt huet, an do hunn ech genau gesot: „Solle mer net fir d'éischt e Bilan maache vun an Tëschenzäit schonn dräi an engem hallwe Joer Kommodosgesetz?" Ech hat souguer virgeschloen, fir d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers ze ruffen, fir aus beruffenem Mond ze héieren, wéi et dann elo wierklech ass. Et ass scho schéin a gutt, wa mer elo vum Statssekretär eng Rei Zuele genannt kréien. Mir hunn och aner Echoe vun dobausse kritt, och vun Entrevuë mat der Chambre des Métiers, déi sech awer nach ëmmer iwwer net bestoend Délaie beschwéieren. Sécherlech si Verbesserungen do, an dat hunn ech jo och ugeholl, well wann ee sechs Leit weider huet, da wäert ee jo och d'Aarbecht méi séier gemaach kréie wéi virdrun.

Ech fannen et awer flott, wann een hei nonchalant ka soen, an 20% vun den Dossiere si mer an der Illegalitéit. Da soe mer muer zu de Leit, Dir gitt zéngmol ugehalen, zweemol wann Dir iwwert der Vitesse sidd, dann hutt Der e Bonus. Esou kënnt de Statssekretär heihin. Ech wëll soen, et ass e fundamentalen Ënnerscheed,…

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Zitéiert, Här Gira, wat ech gesot hunn.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Dir kommt

labber heihin a sot: An 20% vun den Dossiere si mir net am Stand eis Délaien anzehalen.

***(Interruption)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech liesen Iech gäre vir, wann Dir wëllt, Här Bettendorf, wat d'DP alles gesot huet a fofzéng Joer par rapport zum Kommodosgesetz hinsichtlech den Délaien. Wann Der dat héiert, da kritt Dir e roude Kapp.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Ech hunn och driwwer geschwat, a ganz vill. Ech kann Iech just soen, wéi de Statssekretär an de Ministère koum war et gutt, dass hie Biergsteiger war, soss wär hien net op de Koup vun den Dossieren eropkomm.

M. le Président.- Loosst de Riedner dach schwätzen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Ech wëll awer op eppes opmierksam maachen, quitte dass mir déi lescht sinn, déi dat an der Rei fannen, wat virun 1999 war, mä ech wëll awer soen, dass 1999 eppes Fundamentales geschitt ass. Do sinn Délaien an e Gesetz geschriwwe ginn, wou gesot ginn ass, d'Verwaltung an d'Ministèren hu sech drun ze halen. Véier Joer duerno stelle mer fest, dass mer an 20% vun de Fäll nach net capabel sinn eis drun ze halen. Ech halen déi Ursaache gutt, mä déi éischt Konklusioun, déi eng Regierung, de responsable Statssekretär an de Minister missten huelen, wär, fir mat alle Moyenen dofir ze suergen, dass se nach Leit bäikréichen, fir och nach déi 20% Illegalitéit net ze maachen.

Ech stelle fest, Här Statssekretär, Dir maacht hei eng Reform vun der Ëmweltverwaltung, wou net e puer Posten dra geschriwwe gi sinn, well da wäert Dir sécher, dass Dir déi Leit kréicht, an Är Zuelen déi Dir mir genannt hutt vu weideren Astellungen, hunn ech esou ausgeluecht, dass ausser deene sechs Leit, déi mir 1999 gestëmmt hunn, et kaum zu Verbesserunge komm ass. Ech sinn nach gäre bereet iwwert deen een oder anere Considérant ze schwätzen. Eis geet et ëm d'Opfuerderung un d'Regierung, firwat Dir net wëllt eis Motioun stëmmen, déi genau dat Iech géing ginn, nämlech en Instrument fir ze soen, mir brauchen nach e puer Leit an där Verwaltung, fir dass mer och déi restlech 20% vun den Dossiere kënnen an den Délaien ofwéckelen. Dat fannen ech schonn e relativ erstaunleche Phenomeen.

Grad esou erstaunlech fannen ech awer och d'Remarque, dass elo hei den Här Statssekretär sech wonnert, dass mer relativ wéineg iwwert den Aspekt Schutz vun de Salariée geschwat hunn. Ech hat an der virleschter Ëmweltkommissioun op e Bréif verwisen, Här President, e Bréif vum Här Minister Biltgen, deen un Iech geriicht war a wou hie freet, dass den Aarbechtsminister sollt wann ech glift bei den Debatten iwwert dës Reform derbäigezu ginn, well schlussendlech dat richteg ass, wat hei den Här Calmes an den Här Statssekretär gesot hunn, dass et bei deem Gesetz net nëmmen ëm d'Ëmwelt geet, mä och ëm d'Sécherheet vun de Leit.

Komescherweis, an obwuel ech nogehaakt hunn, ass refuséiert gi mam Aarbechtsminister a mat der ITM an dësem Kontext ze schwätzen, an da fannen ech et awer en erstaunlechen Phenomeen, wann haut de Statssekretär an den Här Calmes heihinner kommen an esou maache wéi wa mir et wären, déi nëmme géinge vun Ëmwelt schwätzen. Wéi mir wollten, dass och iwwert d'Gesondheet vun de Salariéë géing geschwat ginn, dunn hutt Dir dat refuséiert. Mir ass et bis haut nach net kloer, firwat Dir deem Bréif vum Här Biltgen net Rechnung gedroen hutt. Et kann een awer dann net heihinner kommen an anere Leit Virwërf maachen, si hätten net zum ganzen Thema geschwat.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4863A a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi 4863A (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4863A.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 4863A et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4863A ass mat 31 Jo-Stëmmen, 5-Nee-Stëmmen an 21 Enthalungen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Fred Sunnen), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Lucien Clement), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par Mme Nancy Arendt) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer (par M. Théo Stendebach) et Théo Stendebach.*

*Ont voté non: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Jean Huss), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*Se sont abstenus: M. Marcel Sauber;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Body), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer zur Lecture vum Projet de loi 4863B.

***Lecture du texte du projet de loi 4863B (par M. Jean Spautz)***

Den Artikel 1 ass gelies.

Zu dësem Artikel hu mer en Amendement erakritt. Den Här Alex Bodry freet d'Wuert dozou.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, ech wollt dozou nach e puer zousätzlech Explikatioune ginn, och opgrond vun der Interventioun vum Statssekretär Berger, deen effektiv e bessen nervös ze si schéngt an hei falsch Saache gesot huet. Et ass falsch ze behaapten, dass deen Text, deen d'Regierung virleien huet, den Text vun der Gewerbeinspektioun ass.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.*- Dee se als éischten Text eraginn hat war een, dee similaire war zu deem vun der ITM, an de Conseil d'Etat huet en ëmgeännert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech liesen Iech e vir, da kann d'Chamber sech e Bild maachen, ob Der d'Wourecht hei gesot hutt, Här Statssekretär.

Den Artikel 5 vum Gesetz iwwert d'Gewerbeinspektioun, dat 1999 geännert ginn ass, seet Folgendes: «L'Inspection du Travail et des Mines est placée sous les ordres d'un directeur qui est le chef de l'administration.» Esouwäit tipptopp.

Da kënnt am Regierungstext hei näischt méi. Keng Konditiounen. Dat ass dat, wat d'Regierung proposéiert.

Wat steet am Gesetz vun 1999, wat Der misst kennen, Här Statssekretär: «Il doit avoir la qualité d'ingénieur ou être détenteur d'une maîtrise en droit et du certificat de cours complémentaires en droit luxembourgeois». Also entgéint deem, wat hei de Regierungsvertrieder widder bessert Wësse behaapt huet, steet am Gesetz iwwert d'Gewerbeinspektioun dran, dass ee muss eng zousätzlech Formatioun hunn, an dass nëmme Leit, déi en universitären Titel hunn, sief et Ingénieur oder en universitären Titel en droit, kënnen Direkter vun der Gewerbeinspektioun ginn.

Domadder hu mir kee Problem, just hei geet de Ministère dohinner a proposéiert eppes aneschters. E proposéiert guer keng Condition de formation méi ze stellen. An dat ass, soen ech nach eng Kéier, fir eis net akzeptabel, an ech hoffen, dass dat och fir eng Majoritéit an der Chamber inakzeptabel ass. Mir kënnen dach keng grouss Discoursen iwwert de Respekt vun den neutrale Verwaltunge schwätzen, an hei gëtt da just de Contaire gemaach, an et gëtt getrickst, fir iergendwéi eens ze gi mat deem wat ass, an dofir insistéiere mir.

Wann Dir eisen Amendement genau liest, dat ass eng Adaptatioun vum Text vun der Gewerbeinspektioun, wat wierklech eng parallell Verwaltung ass zur Ëmweltverwaltung, a wou mer elo dra schreiwen, dass ee fir Directeur an Directeur adjoint ze sinn, d'Qualité d'ingénieur muss hunn - dat steet och dran an dem Text vun der Gewerbeinspektioun -, a mir maachen et e bësse méi op och fir déi Leit, déi en aneren universitären Diplom hunn, quitte dass mer wëssen, dass momentan nëmmen e Jurist do ass, deen déi dote Konditiounen erfëllt.

Also entgéint deem, wat viru fënnef Minutten hei de Statssekretär Berger behaapt huet, gëtt vun der Regierung en aneren Text proposéiert, wéi dat bei der Gewerbeinspektioun steet. Dat ass net gutt. An eisen Aen muss eng Condition de formation zousätzlech derbäikommen an enger technescher Verwaltung, an d'Ëmweltverwaltung ass eng technesch Verwaltung, an do muss dat de Fall sinn. Dofir hale mer drop, dass deen heiten Amendement zum Vote kënnt. Mir mengen, dass et e gudden Text ass an an der Linn ass vun deem, wat d'Chamber bis elo ëmmer héich an helleg versprach huet.

Ech wëll awer nach kuerz eppes Zousätzleches soen. Virdrun ass eng onglécklech Zwëschebemierkung vum Här Rippinger gemaach ginn, deem et e bësse seng Spezialitéit ass, dee gemengt huet, hie misst hei Nimm nenne vu Beamten, an dat wäre politesch Beamten. Ech wëll soen, dass déi Leit, déi bis elo an der Direktioun responsabel ware fir de Kommodo mat Délégation de signature, dass déi Leit, den Direkter an den Directeur adjoint, genannt si gi vum Ëmweltminister Josy Barthel. Méi wëll ech net soen.

M. le Président.- Den Här Statssekretär Eugène Berger huet d'Wuert.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement*.- Här President, nach eng Kéier zu där Saach, déi den Här Bodry elo kuerz erwähnt huet.

D'Regierung huet eng Propositioun eraginn, déi sech un den Text vun der ITM ugelehnt huet. Mir hätten och kee Problem gehat, fir deen nach esou auszebaue wéi den Här Bodry dat gesot huet, mä et ass de Statsrot, deen eis deen heiten Text proposéiert huet. Wann also den Här Bodry hei en Amendement eragëtt, wou de Statsrot eppes aneschters proposéiert, wësse mer jo also och, dass de Statsrot net domadder d'accord ass. Mir hunn eis dofir hei strikt un deen Text vum Statsrot gehalen. Ech wëll dat nach eng Kéier hei preziséieren.

M. le Président.- Den Här Bodry huet nach eng Kéier d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Also am Text vun der Regierung stung dran, net datt e misst en Ingénieurstitel hunn oder misst e kompletten Ofschloss an universitäre Studien hunn. Do stung dran, e wär Member vun der Carrière supérieure aus där Verwaltung. Dat heescht d'Regierung wollt net nëmme sträichen, dass déi Persoun misst en universitären Ofschloss hunn, mä si wollt esouguer soen, en däerft net aus enger anerer Verwaltung oder aus engem Ministère eragenannt ginn, et muss een aus der Ëmweltverwaltung sinn.

An do sot de Statsrot, dat kënnt Der net maachen, dat muss opbleiwe fir jiddfereen, loosst deen dote Saz ewech. Also war ni eng Konditioun bei Iech dran, dass déi Persoun misst Ingénieur oder Détenteur si vun engem Diplôme universitaire. Dat steet awer am Gesetz iwwert d'Gewerbeinspektioun dran.

Une voix.- Mir schwätzen nach iwwer politesch Beamten. Sot ech hätt Iech et gesot. Doriwwer schwätze mer nach.

M. le Président.- Den Här Jaerling freet nach d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, ech hunn eng Verständnisfro zu deem Amendement hei. Den Här Bodry seet jo, dass et prinzipiell, wann ech gutt verstanen hunn, esou misst sinn, dass keng Nominatiounen däerfe gemaach ginn ouni e kloert Beruffsbild. Ass dat de Prinzip vun dësem Déngen?

***(Interruption)***

Ma dann hoffen ech, dass Der an Zukunft och an aneren Domänen, wéi zum Beispill bei de Contrôleurë vun der Gewerbeinspektioun, och esou konsequent sidd an dann do och keng Nominatiounen iwwert d'Gewerkschafte méi zouloosst, ouni kloert Beruffsbild.

***(Brouhaha général)***

Ech schwätzen hei just vum Prinzip. Ech si mat deem Amendement d'accord, mä ech…

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

***Amendement 1***

M. le Président.- Mir stëmmen elo of iwwert den Amendement, deen den Här Bodry am Numm vun der sozialistescher Fraktioun zum Projet de loi 4863 abruecht huet, zum Artikel 1.

***Vote***

Déi fir den Amendement si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

Den Amendement ass verworf mat 32 Nee-Stëmmen, 24 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun.

*Ont voté oui : MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Wohlfart), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Jean Huss), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*Ont voté non : Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Lucien Clement), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nancy Arendt), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer (par M. Théo Stendebach) et Théo Stendebach.*

*S'est abstenu: M. Fred Sunnen.*

Domadder ass den Artikel 1 ugeholl esou wéi e vun der Kommissioun virgeschloe ginn ass. Mir fuere weider mat der Lecture vun den Artikelen.

D'Artikelen 2 bis 5 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 4863B.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 4863B et dispense du second vote constitutionnel***

Déijéineg déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi 4863B ass ugeholl mat 34 Jo-Stëmmen a 25 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui : Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nancy Arendt), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Meisch (par M. Niki Bettendorf), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jeannot Belling), John Schummer (par M. Xavier Bettel) et Théo Stendebach.*

*Ont voté non : MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Georges Wohlfart), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Jean Huss), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

***Motion 1***

Dann hu mer nach eng Motioun, déi den Här Gira abruecht huet zu deem Gesetz, wat mer elo grad gestëmmt hunn. Déi Motioun hutt Der virun lech leien. Den Här Gira huet se explizéiert an ech menge mir kéinten also direkt doriwwer ofstëmmen.

***Vote***

Déijéineg déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 34 Nee-, 16 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

*Ont voté oui : MM. Jean Asselborn (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*Ont voté non : Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Marco Schank), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nancy Arendt), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Simone Beissel), John Schummer (par M. Théo Stendebach) et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus : MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.*

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtten a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 12.58 heures)***

# MERCREDI, 16 JUILLET 2003 — 73E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**
**M. Nico Loes, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. 4832 - Projet de loi instituant un médiateur

   4798 - Proposition de loi sur l'instauration d'une ombudspersonne

   *(Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

2. 4609 - Proposition de loi relative à la réhabilitation des volontaires de l'Espagne républicaine

   *(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

3. 5003 - Projet de loi portant réorganisation de l'Institut viti-vinicole

   *(Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

4. 5115 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux en matière de dessins ou modèles, signé à Bruxelles, le 20 juin 2002

   *(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

5. 5143 - Projet de loi portant modification des articles XXIV et XXX de la loi modifiée du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998

   *(Rapport de la Commission spéciale "Plan d'action national en faveur de l'emploi" - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

6. 5114 - Projet de loi portant modification

   a) de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective;

   b) de la loi modifiée du 18 mai 1979 portant réforme des délégations du personnel;

   c) de la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes;

   d) du code des assurances sociales

   *(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; MM. Fernand Boden, Henri Grethen et François Biltgen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.33 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 4832 iwwert d'Asetze vun engem Médiateur zesumme mat der Proposition de loi 4798 iwwert den Ombudsmann. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn agedroen: den Här Santer, d'Madame Err, déi Häre Rippinger, Henckes, d'Madame Wagener an den Här Bodry.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers.

## 1. 4832 - Projet de loi instituant un médiateur

## 4798 - Proposition de loi sur l'instauration d'une ombudspersonne

***Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle***

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi iwwert d'Schafung vum Médiateur ass den 21. August 2002 vum Premier Minister Jean-Claude Juncker hei an der Chamber déposéiert ginn. D'Avisë vun de Chambres professionnelles sinn erakomm an och zwee Avisë vum Conseil d'Etat, ee vum 19. Februar 2003 an een Avis complémentaire vum 1. Juli 2003. De schréftleche Rapport ass unanimement approuvéiert gi vun der zoustänneger Kommissioun den 9. Juli 2003.

E puer Wierder iwwert den Historique vun dem Médiateur, dem Ombudsmann oder wéi de Statsminister en ëmmer nennt de Knoutermann, een Term, deen ech perséinlech net esou gär hunn.

Et ass fir d'éischt am Joer 1809 wou a Schweden en Ombudsmann gewielt ginn ass, mat dem Zil fir an där Zäit, wou d'Chamber net zesumme kënnt, d'Regierung ze iwwerwaachen, d'Doléancë vun de Bierger entgéint ze huelen, Propositiounen ze maachen an och gegebenenfalls beim Geriicht ze intervenéieren. Et waren also wäitgehend Pouvoiren, déi den Ombudsmann do hat an och haut nach huet.

D'Iddi vum Ombudsmann huet sech awer am Laf vun de Jorzéngten och an anere Länner duerchgesat an et ass an deene westlechen demokratesche Länner eigentlech eréischt an deene leschte 50 Joer, wou d'Médiateuren oder Ombudsmänner oder Frae geschafe si ginn.

Lëtzebuerg huet schonn 1976 en éischte Projet gehat, dee vun der deemoleger Regierung un de Statsrot an och un d'Chamber weider geleet gi war. Dee Projet konnt aus diverse Grënn, vläicht och dass an där Zäit d'Iddi, déi ee sech vun dem Ombudsmann gemaach huet, nach net räif genuch war, sech net duerchsetzen, ass och net gestëmmt ginn, mä en ass zréckgezu ginn. En hat, wann en och grondsätzlech d'selwecht ausgeriicht war wéi deen, dee mer haut diskutéieren, awer e bëssen aner Pouvoiren an ass och vun der Fonction publique deemools net gutt opgeholl ginn, wat haut vläicht awer net méi esou de Fall ass.

Eng éischt Fro, eng wesentlech Fro, déi sech stellt, déi sech eigentlech ëmmer stellt wann een nei Gesetzer stëmmt, dat ass déi: Brauche mer dat do? Brauche mer en Ombudsmann a wat sinn d'Grënn fir de Médiateur, wéi mer en an eisem Gesetz nennen, ze schafen? Wann all d'Instanzen, déi gefrot si ginn, positiv der Iddi géintiwwer stinn, huet awer d'Beruffschamber vun de Statsbeamten gewësse Reserven ugemellt, déi awer net esouwäit gaange si wéi an de 70er Joren.

Et ginn an deenen Avisen, besonnesch am Avis vum Statsrot an am Exposé des motifs vun der Regierung, eng Rei Grënn, déi ech kuerz wëll resuméieren an déi duerleeë firwat de Médiateur soll geschafe ginn. Et ginn eigentlech dräi wesentlech Grënn, dräi wesentlech Argumenter, déi d'Noutwendegkeet, d'Opportunitéit vun der Schafung vun engem Médiateur ënnermaueren.

Een éischt Argument ergëtt sech aus der Situatioun vun der Législatioun, wou mer feststellen, dass ëmmer méi Gesetzer, ëmmer méi Reglementer geholl ginn, déi ëmmer méi komplex sinn, an de Bierger fënnt sech ganz oft an deem Duercherneen, heiansdo och vun den Texter, net méi zurecht. Et ass och schwiereg fir dat ze maachen, esouguer fir Expären ass et heiansdo schwiereg fir erauszefannen, an dat hu mer dëser Deeg nach hei an der Chamber gesinn, wéi dann d'Gesetzgebung évoluéiert huet a wat déi lescht Texter sinn.

Wann Expäre sech emol net méi zurecht fannen, wéi soll dann deen eenzelne Bierger sech an deem Ensembel vu gesetzleche Bestëmmungen zurecht fannen. De Bierger, den Administré kritt vis-à-vis vun den Texter, vis-à-vis och vun der Verwaltung eng éischter onsécher Haltung an och eng Haltung, wou e kee Vertraue méi huet. D'Verwaltung selwer trëtt oft vis-à-vis vum Bierger als dee Stäerkeren op, an de Bierger fillt sech eigentlech net méi seriö geholl, an dofir kënnt et oft zu deem Broch tëschent dem eenzelne Bierger an der Verwaltung selwer. Fir dat ze iwwerbrécken, fir erëm dat Vertrauen hierzestellen, ass et noutwendeg, dass och do eng Instanz geschafe gëtt, déi Vermëttler ka spillen tëschent der Verwaltung an dem eenzelne Bierger.

Et gëtt dann eng drëtt Ursaach, an zwar déi, dass de Médiateur haut zu enger Demokratie gehéiert. Demokratien, besonnesch hei a Westeuropa, ginn zum Deel jugéiert op verschidde Kritären, op verschidden Institutiounen, an de Médiateur ass eng vun deenen Institutiounen déi derzou bäidroen, déi och ee vun de Repèrë si vun der Demokratie. An déi Länner, déi de Médiateur net hunn, do kann een och soen, dass eppes feelt an dass do och d'Demokratie, d'Matbestëmmung vum Bierger net voll a ganz realiséiert ass.

Dat sinn eigentlech d'Argumenter, déi aus den Avisen an aus dem Exposé des motifs vun der Regierung ervirginn an déi, géif ech mengen, mer och voll a ganz kënnen droen.

An engem drëtten Deel wëll ech op d'Gesetz selwer agoen an op déi eenzel Problemer, déi sech do stellen a wéi se am Kader vum Gesetz geléist sinn.

Eng éischt Fro ass déi vun der Missioun vun dem Médiateur. E Médiateur huet als Missioun fir individuell Reklamatioune vun de Bierger entgéint ze huelen iwwert de Fonctionnement vum Stat, vun de Gemengen, vun den Etablissements publics, vun der Eisebunn, dat heescht all déi, déi un de Pouvoir public, un d'öffentlech Hand ugeschloss sinn, an ze kucken ob se justifiéiert sinn, an dann ze probéieren dem Bierger, deen déi Reklamatioune mécht, Satisfaktioun ze ginn am Rahme selbstverständlech vun deene bestehende Gesetzer.

Et huet sech eng wichteg Fro gestallt, wien dann déi Destinatairë wären. Ech hunn hei gesot, Stat, Gemengen, Etablissements publics. Do huet de Statsrot proposéiert fir déi Etablissements publics erauszehuelen, déi eng Mission commerciale, financière oder industrielle hätten. Mir waren der Meenung, dass bei den Etablissements publics dat net kënnt esou gemaach ginn, dass een zwar d'Aktivitéiten, déi kommerziell oder finanziell wären, kënnt ausschléissen, mä dass awer déi Etablissementer, déi ënner anerem déi do Missiounen hunn, och nach aner Missioune kënnen hunn, an dass, wann een déi Etablissementer géif esou ausschléissen, een do ee ganzen Deel vun Aktivitéiten einfach dem Champ d'application vum Médiateur géif entzéien. Dofir hu mer eng aner Propos gemaach a gesot: All Etablissements publics falen drënner, awer hir finanziell, industriell a kommerziell Aktivitéite sinn net viséiert aus der Ursaach, well do déi Etablissementer a Konkurrenz mam Privatsecteur sinn.

Wéi gëtt de Médiateur saiséiert? Hie gëtt saiséiert schréftlech oder mëndlech. Jiddferee ka sech och presentéiere beim Médiateur a soen, e wéilt seng Klo ervirbréngen. Da muss se aktéiert ginn a se muss eng Suite kréien. Wie kann et maachen? All privat Persoun kann et maachen an och all Personne morale de droit privé.

Am Regierungstext war dat net kloer definéiert. Do hätt zum Beispill en Etablissement public oder eng Gemeng géint den eegene Minister kënne kloen. Dat, mengen ech, ass awer net de But vun dem Médiateur. De Médiateur ass net dofir do, fir Sträitfäll a Litigen tëschent öffentleche Verwaltungen ze regelen, mä en ass do, och an deenen anere Länner, fir Litigen ze léisen tëschent Privatinstanzen, Privatpersounen an dem öffentleche Secteur. Dofir hu mer dat erausgeholl a mir hu gesot, hei sinn öffentlech rechtlech Instanzen net viséiert, a mir hu se och aus dem Text ausdrécklech gestrach.

Den Owend kann de Médiateur awer och saiséiert gi vun all Member vun der Chamber. All Deputéierte kann och eng Reklamatioun

un de Médiateur erundroen. Et gi Länner wéi Frankräich, do kann nëmmen d'Reklamatioun iwwert den Deputéierte geschéien. Do stellt eigentlech d'Chamber, den Deputéierten e Filter duer, wat mir awer net gutt fannen. Mir hu gemengt, deen Eenzelne muss selwer et kënne maachen, mä wann een iwwert d'Chamber, iwwer en Deputéierte wëllt fueren, da muss dat méiglech sinn. Dat ass och déi eenzeg Instanz, déi eng Reklamatioun ka weiderginn. Am Text war och virgesinn, dass dat kënnt geschéien iwwert d'Regierung. Do huet de Conseil d'Etat mat Recht gesot, ma wann d'Regierung Problemer huet, dann ass si jo selwer gefuerdert déi Problemer ze léisen. Si brauch selwer de Médiateur net domat ze saiséieren, well si ass jo déi, déi d'Décisiounen hëlt, also soll se selwer, do wou Problemer sinn, hir Problemer léisen an net de Médiateur domat belaaschten, an ech mengen déi Iwwerleeung vum Statsrot, déi och d'Kommissioun ugeholl huet, ass richteg.

Wéi eng Affäre kënnen dem Médiateur ënnerbreet ginn? Dat sinn individuell Affären. De Médiateur kann net mat kollektive Kloen, déi den allgemenge Fonctionnement vun der Verwaltung betreffen, befaasst ginn. E kann nëmme befaasst gi mat individuelle Froen, déi och déi Persoun betreffen, déi e saiséiert. Allerdéngs kann en och net befaasst ginn, an dat ass och ausdrécklech ausgeschloss, mat Froen, déi d'Relatioun vun de Fonctionnairë betreffen zu hirer eegener Verwaltung. Dat ass duerch aner Gesetzer geregelt an do ginn et wäitgehend Rechter vun den öffentleche Bedéngschteten par rapport zu hirem eegene Patron.

En drëtten Domän: Wat sinn d'Moyens d'action vum Médiateur? Wat kann e maachen a wéi kann e sech behuelen? U sech huet de Médiateur, am Ënnerscheed zu de Geriichter, keng Décisiounen ze huelen. Seng Aart a Weis fir ze intervenéieren, dat ass d'Iwwerzeegung an dat ass d'Publizitéit vun deenen Injonctiounen a Recommandatiounen, déi e mécht. Hien huet also eigentlech, wann een esou ka soen, zwee Mëttel fir sech duerchzesetzen. Dat ass seng Iwwerzeegungskraaft, seng Conciliatioun, an op där anerer Säit, wann en net gehéiert gëtt, d'Méiglechkeet fir seng Recommandatiounen ze publizéieren. De Médiateur ass dofir do fir d'Leit ze begéinen, fir hinnen nozelauschteren, fir am Dialog ze probéieren tëschent der Verwaltung an dem eenzelne Bierger Léisungen ze sichen, fir ze verstoe wat gewollt ass, op där enger oder anerer Säit, fir ze beroden, esouwuel d'Verwaltung wéi och de Réclamant, well och d'Verwaltung muss, wa se e Rot kritt vum Médiateur, deen unhéieren, an dann, wéi gesot, duerch seng Iwwerzeegungskraaft eng Léisung proposéieren, déi vun deenen zwou Säite kann ugeholl ginn. Beim Médiateur ass et net wéi um Geriicht, wou et heescht, deen een huet gewonn, deen aneren huet verluer. Beim Médiateur gëtt et keen dee verléiert an et gëtt keen dee gewënnt. Beim Médiateur misst ee soen, do gewannen all Parteien, well jidderee muss mat där Léisung, déi de Médiateur proposéiert, d'accord sinn.

Dohier kënnt och déi delikat Missioun vum Médiateur an et hänkt ganz villes dovunner of, wéi eng Personalitéit dohi kënnt, fir dat do ze maachen, well et hänkt och zum Deel vun der Personalitéit, vum Charisma vum Médiateur of, fir där neier Fonctioun dat ze gi wat am Gesetz hei ugedeit an an Texter nëmme skizzenhaft niddergeschriwwen ass.

Selbstverständlech muss de Médiateur, wann e Léisunge proposéiert, sech un d'Gesetzer an un d'Reglementer halen, an e muss sech och un d'Uerteeler halen, déi gesprach si ginn. Hie kann net iwwert déi do Dispositiounen ewech goen, à moins dass e Méiglechkeeten huet an den Texter fir seng Reconciliatioun unzebréngen.

Ech hu gesot, déi zweet Waff, déi en huet, dat ass d'Publizitéit. Hie ka fir d'éischt emol déi Recommandatiounen, déi e mécht, wann en net gehéiert gëtt a wann d'Verwaltung en daaft Ouer mécht an en huet eng Propos gemaach, selwer veröffentlechen, wann e gesäit, dass d'Verwaltung där Recommandatioun keng Suite gëtt.

Hie kann och bei Uerteeler eng Injonctioun maachen an d'Verwaltung opfuerderen d'Uerteeler, déi gesprach sinn, déi coulé de force jugée sinn, dass déi eng Exécutioun kréien. Och dat kann e maachen, doduerch dass en e Rapport spécial mécht, deen en un d'Chamber weidergëtt an deen da gegebenenfalls am Mémorial publizéiert gëtt. Hien huet dann d'Recht all Joer säi jährleche Rapport ze maachen, oder wann e mengt, e misst all Trimester ee maachen, kann en och all Trimester ee maachen, wou en dann och Propose mécht a Recommandatiounen.

D'Chamber kann en unhéieren. Wann d'Chamber mengt, dat wat e seet wier net kloer, kann d'Chamber en unhéieren, an och déi Unhéierung ka publizéiert ginn no baussen. Ech sinn och der Meenung, déi Rapporten, déi de Médiateur mécht, missten integral publizéiert ginn, fir dass och jidderee gesäit a sech e Bild ka maache vun där Situatioun, déi hie beschreift, a vun deene Recommandatiounen, déi e gëtt.

E kann dann, wann e mengt an de Gesetzer wiere Lacunen, selwer Propose maache wéi Gesetzer kënne geännert ginn. Hien huet allerdéngs kee Pouvoir d'initiative législative. Dat war vun der Regierung virgeschloen. Duerch d'Verfassung ass et nëmmen de Grand-Duc an d'Chamber, déi dee Pouvoir hunn, an et ka keen aneren dee Pouvoir kréien. Dofir war och de Conseil d'Etat, esou wéi elo d'Verfassung ausgesäit, der Meenung, dass een dee Pouvoir net soll hei virgesinn, wat awer net verhënnert, esou wéi all anere Propose ka maache fir Gesetzer ze änneren, dass och de Médiateur der Chamber Propose mécht, wéi een e Gesetz oder e Reglement ka verbesseren.

Hien huet Accès zu allen Informatioune vun deenen Affären, mat deenen e befaasst ass. All Dossiere mussen him ënnerbreet ginn. De Conseil d'Etat huet proposéiert, dass een déi Dossiere soll eraushuelen, déi perséinlech Donnéeën iwwert d'Gesondheet zum Beispill enthalen. Mir waren net där Meenung. Mir waren der Meenung, dass en all Dossiere soll kréien, ausser deenen Dossieren, déi mat der nationaler Verteidegung oder mat der nationaler Sécherheet zesummenhänken, mä all aner Dossiere soll de Médiateur kënne kréien. Hie selwer ass un de Secret gehalen a kann och déi perséinlech Donnéeën, déi e kritt, net divulgéieren.

De Médiateur huet dann e speziale Statut. E gëtt vun der Chamber désignéiert an engem Vote vun den Deputéierten, déi do sinn, ouni dass d'Prokuratioun méiglech ass. E gëtt dann duerno genannt vum Grand-Duc. D'Chamber désignéiert eng Persoun, net wéi op anere Plaze méi, mä si désignéiert eng Persoun, an déi gëtt vum Grand-Duc genannt. E gëtt genannt op aacht Joer an e ka säi Mandat nëmmen ausübe bis zu 68 Joer. Duerno muss e säi Mandat opginn. Mir hunn eis do ralliéiert un de Statut vun de Statsbeamten.

D'Regierung hat 72 Joer proposéiert. Mir hu fonnt, et soll een op 68 goen. E kann och ophale wann e selwer wëllt, wann en déi Demande mécht. E kann och aus gesondheetleche Grënn seng Fonction verléieren. E kann och vun der Chamber ofgesat ginn, wann d'Chamber der Meenung ass, dass e seng Aufgaben net gutt erfëllt. Dee Moment kann eng Kommissioun gemaach ginn, eng Enquête gemaach ginn an d'Chamber kann dee Moment dem Grand-Duc d'Propos maache fir de Médiateur ze révoquéieren, wat natierlech eng Décisioun ass, déi dem Médiateur gegebenenfalls Recht gëtt fir selwer e Recours ze maache bei den administrative Juridictiounen.

D'Konditioune fir Médiateur ze ginn: E muss Lëtzebuerger sinn, Universitéitsstudie gemaach hunn an d'Chamber soll festleeën a wéi engen Domäner, dass si géif mengen, dass et utile wär, dass een déi Studie géif délimitéieren.

Hie muss déi néideg moralesch Qualifikatioune matbréngen. Hie muss déi dräi Sprooche schwätzen, déi mer hei am Land hunn an déi och als administrativ Sprooche festgehale sinn. De Mandat vum Médiateur ass incompatible, an dat am Intérêt vu senger kompletter Indépendance, mat iergendengem Mandat politique oder mat allen aneren öffentlechen a private Fonctiounen. E Médiateur kann also och net President vun iergendenger A.s.b.l. sinn. Wann hien dat wär, misst hien déi Fonctiounen opginn, well hei strikt virgesinn ass, dass hie keng aner Fonctioun däerf hunn.

Hie gëtt rémunéréiert mat där héchster staatlecher Rémunératioun am S1. Wann hie Fonctionnaire ass, huet hien duerno d'Recht an d'Verwaltung zréckzegoen. Wann hien aus dem Privatsecteur kënnt, kritt hie während engem Joer 320 Punkten. Hie kann an där Zäit eng aner Fonctioun sichen. Hie kritt och déi néideg Collaborateuren, déi him natierlech zu Hand ginn, fir seng Missioun ze erfëllen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Schafung vum Médiateur, hunn ech gesot, ass en Deel vun Demokratie, an ech hunn aus engem, an domat wëll ech ophalen, Préambule, aus engem Virwuert zu engem Buch iwwert de Médiateur vum François Six eng Préface gelies vun zwee franséische Politiker, dem Raymond Barre an dem Michel Rocard. Dofir wëll ech och dat zitéieren, wat si als Schluss hei zitéiert hunn, an ech kommen net an de Verdacht, dass dat ee vun der Droite oder vun der Gauche wär, well esouwäit ech weess ass deen ee vun der Droite an deen anere vun der Gauche, a well se gemeinsam déi Préface geschriwwen hunn, géif ech och mengen, dass se ausgeglach wär.

Si gëtt eng Iddi erëm, déi eis eigentlech um Häerz misst leien. Mir hunn 200 Joer laang un den Idealer, un de Grondrechter vun der franséischer Revolutioun geziert a mir halen och drop, dass déi Grondrechter an eiser Verfassung stinn, an déi resüméiere sech an dräi Wierder: liberté, égalité, fraternité.

D'Liberté an d'Egalité hu mer ganz héich gehal an ëmmer erëm ageschriwwen. Dat lescht, d'Fraternité, hu mer e wéineg vergiess an et ass esou, mir hunn et ersat duerch Solidarité, mä dat ass en anert Wuert. Déi zwee Premierministere schreiwen dat hei iwwert d'Médiatioun: «La médiation, fille de la fraternité, est ainsi le ressort d'une démocratie d'hommes libres et égaux. Rappelons-nous Bergson dans «Les deux sources de la morale et la religion», la démocratie proclame la liberté, réclame l'égalité et réconcilie les deux soeurs ennemies en leur rappelant qu'elles sont soeurs en mettant au-dessus la fraternité.»

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, déi honorabel Madame Lydie Err.

Mme Lydie Err *(LSAP), auteur.*- Als Auteur vun der Proposition de loi iwwert d'Ombudsperson hat ech d'Éier de President vu menger Partei, de Jean Asselborn, an der Institutiounskommissioun ze ersetzen, an ech halen drop fir hei ze soen, datt do eng gutt Aarbecht op eng wierklech kompetent an agréabel Aart a Weis gemaach gouf. Ech halen drop dat ze ënnersträichen, well et engem net all Dag passéiert och als Oppositiounspolitiker oder -politikerin eescht geholl ze ginn an net vu vireran Onrecht ze hunn, ier een de Mond opgedoen huet.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Très bien.

Mme Lydie Err *(LSAP), auteur.*- Ech hunn dat appréciéiert, wéi ech och appréciéieren als Zweeten hei op d'Tribün ze kommen a mer am Fong domat kann erspueren op déi technesch Detailer zréckzekommen, déi de Rapporteur hei gesot huet. Ech ka mech doduerch drop limitéiere fir Saachen ze soen, déi méi prinzipieller Natur sinn, wéi där technescher, well déi Detailer vun där Natur schonn explizéiert gi sinn.

Ech halen awer och drop ze begréissen, datt an dësem Dossier eng Première passéiert ass, an zwar déi dass d'Lëtzebuerger Regierung, oder de Premier, ech sinn elo net méi esou sécher, zu dësem Projet wéi zu…

***(Interruption)***

Pardon!

***(Interruption et hilarité)***

…deem iwwert d'Medien an iwwert d'Données nominatives déi Texter weiderginn huet un d'Venedeg-Kommissioun, fir den Avis vun där Kommissioun ze froen.

Dat ass e Fait, deen net inaperçu passéiert ass. Et ass am Fong esoumat eng nei Lëtzebuerger Spezifissitéit geschafe ginn, well Lëtzebuerg zënterhier zitéiert gëtt als noahmenswäert Beispill fir aner sou genannt Demokratien aus deem alen Europa, déi sech bis elo alleguerten nach ze schued ware fir deeselwechte Wee op eng, loosse mer soen, méi humbel Aart a Weis ze goen. Duebel interessant ass et natierlech nach doduerjer, dass ee sech kann e Stéck Gloire dovun erofschneiden an den Avis trotzdeem an d'Dreckskëscht leeën, dat ass zwar deelweis hei geschitt. Et bleift, dass de Geste en noblë war an an där Hinsicht noahmenswäert ass.

Ech wëll och elo e puer Saachen erëmhuelen, déi an deem Avis do stungen, an déi deelweis iwwerholl gi sinn, awer gréisstendeels net iwwerholl gi sinn. Si sinn awer menger Meenung no ëmmer nach eng Reflexioun wäert.

Esou ass dat éischt klorgestallt ginn an deem Avis, wat eng Evidenz ass, dass et d'Iddi war vun der Lëtzebuerger Regierung en Intermédiaire «entre l'administration et les citoyens» ze schafen «dans le but d'aider le citoyen dans ses démêlés avec les autorités». D'Kommissioun bestätegt dann der Regierung, dass de Projet gutt strukturéiert a gutt concevéiert ass. Se stellt just einfach fest, dass en net esou wäit geet wéi en hätt kënne goen, wéi en an anere Länner geet.

D'Kommissioun rappeléiert dann och eng Recommandatioun vum Conseil de l'Europe vun 1985, deen am Kader vun enger Recommandatioun iwwert d'Ombudsleit gesot huet an engem Alinéa: «…à prêter une attention particulière dans le cadre de sa compétence générale», dat heescht iwwert d'Relatioune vun de Leit mat hire Verwaltungen, «aux questions afférentes aux droits de l'homme soumises à son examen». Dat ass eppes aneschters gewiescht, wéi dat wat ech a menger Proposition de loi virgeschloen hunn. Et rejoignéiert et awer op gewëssene Punkten an iergendwou an implizit huet och d'Kommissioun déi Suggestioun iwwerholl, wann och net am Libellé vun deem Artikel, wéi dat an der Propositioun de Fall war.

D'Kommissioun vu Venedeg sträicht och ervir, dass d'Gesetz iwwert de Médiateur d'Indépendance vun deemselwechten ënnersträicht, an dat ass am Fong de Knackpunkt vun där ganzer Affär, well wann déi Indépendance net assuréiert ass, da kann déi Missioun vun engem Médiateur och net assuréiert ginn.

Dat war beispillsweis net de Fall beim Ombudskomitee fir Kanner, wou néierens formell dra stung, dass dee keng Instruktioune kënnt kréie vu kenger Autoritéit, eng vun deenen Haaptursaachen aus deenen d'sozialistesch Partei dee Projet deemools net gestëmmt huet. D'Initiativ oder d'Pouvoirë vum Médiateur ginn als limitativ considéréiert, mä si soen dat ass eng Optik, déi méiglech ass, mä si hunn awer dann och nach ënnerstrach dass et interessant ass, dass all Mënsch indépendamment vu senger Nationalitéit kann e Recours bei deem Médiateur maachen an dass dat ze begréisse wier.

Ech mengen also, dass dat doten somme toute eng gutt Zensur ass, op déi ee bei enger éischter Experienz ka mat Gefalen zréckkucken, an et ass dofir am Fong mat guddem Gewësse wou een un den Text am Detail kann erugoen.

Ëm wat geet et? De Rapporteur huet et hei schonn erkläert. Hien huet a sengem Bericht eng Definitioun aus dem grousse Larousse encyclopédique bruecht an et ass mer opgefall, dass dat eng aner ass wéi déi, déi ech a meng Propositioun erageschriwwen hat aus dem klenge Larousse. Et ass zwar nëmmen eng kleng Differenz, mä e groussen Ënnerscheed am Sënn.

Am grousse Larousse steet: «Mode de solutions facultatives des conflits consistant à faire intervenir dans un différend un tiers qui fait des propositions qui n'ont pas de force obligatoire, mais qui sont susceptibles de servir de base à la solution du conflit.» Dat ass also eng Definitioun, déi reng op d'Konfliktléisung erausgeet.

Während dee klenge Larousse - an et gëtt jo keng Zoufäll am Liewen, well dat ass déi, déi ech iwwerholl hunn - folgend Definitioun gëtt: «L'ombudsman est une personnalité indépendante chargée d'examiner les plaintes des citoyens contre l'administration dans les pays scandinaves. Ce faisant, il réduit les missions de l'ombudsman à la protection des droits des administrés sans préciser si la protection des droits de l'homme y est incluse ou non.» Dat ass also eng Appréciation personnelle.

Ech hunn aus där Definitioun mer erlaabt déi Konklusioun ze zéien, déi och aus dem franséische Gesetz ka gezu ginn, dass, och wann dat net expressis verbis dra steet, de Contrôle vun de Mënscherechter mat an d'Missioun vun engem Médiateur fält, dat ipso facto muss de Fall sinn, well een net gesäit wéi et méiglech ass den Administré géint seng Verwaltungen ze conseilléieren, wann een net och bewosst ass senge Rechter, déi een als Mënsch an net nëmmen als Administré huet. Implicite, mengen ech, ass dat scho mat dran.

«La défense des droits du citoyen», dat ass natierlech d'Haaptobjektiv vun dësem Gesetz. D'Opportunitéit dovunner kann net a Fro gestallt ginn. De Rapporteur huet hei erkläert, wéisou et interessant ass fir eng Demokratie, déi mat alle Mëttele vum Recht ausstafféiert ass, trotzdeem och nach ee Médiateur ze hunn, an en huet aus senger Optikt déi Saachen erkläert.

Ech wollt sengen Ausféierungen een Element derbäi fügen, wat fir mech ganz wichteg ass, dat een awer och bal ni an deenen offiziellen Definitiounen erëmfënnt, an zwar dass wann dee Recours hei

geschafe gëtt, da kréien d'Leit en anere Moyen, méi en einfachen, méi e schnellen, méi e bëllegen, well en ass och nach gratis, fir hir Beschwerden, hir Plainten unhéieren ze loossen, fir sech kënnen auszeschwätzen a fir kënnen net nëmmen eng Léisung vun hirem Problem ze kréien, mä fir kënnen engersäits nogelauschtert ze kréien, fir selwer nozelauschteren, ze verstoe wat déiselwecht Problematik aus enger anerer Optik kann hierginn, a virun allem bréngt dat mat sech, ausser enger eventueller Konfliktléisung, e Renforcement vum Lien social, deen an eiser Gesellschaft, wou et sech ëmmer an ëmmer méi ëm exklusiv oder bal exklusiv materiell Wäerter handelt, en Zesummegehéieregkeestgefill duerch eng Transparenz, déi an den Aktivitéite vum Stat erfëllt gëtt. Ech fannen, dass dat en Aspekt ass, deen et wierklech derwäert ass ënnerstrach ze ginn.

Et gëtt zënter 1978 en Institut international de l'Ombudsman. Dat ass eng Weltorganisatioun, déi d'Missioune vun den nationale Médiateuren, respektiv den Ombudsleit esou definéiert huet: «…de protéger la population contre les violations des droits, des abus de pouvoir, les erreurs, les négligences, les décisions injustes et la mauvaise gestion. Son action contribue à améliorer l'administration publique, rend les actions du gouvernement plus transparentes et responsabilise les administrateurs publics envers les citoyens. En règle générale il possède en plus le pouvoir de conduire des enquêtes objectives qui peuvent mener à sa propre initiative.»

Ech mengen, dass et elo relativ kloer ass, wat esou eng Institutioun och an engem demokratesche Gefüge ze sichen huet, an dass et am Fong praktesch kee Risiko gëtt fir ze soen, dass dat heiten eng Verbesserung duerstellt fir d'Bierger, déi net onbedéngt wëllen, wa se onzefridde sinn, gläich op d'Geriicht goen, och wann Assurancerecours an Assistance judiciaire en eventuell dozou kéinten incitéieren. D'Dauer, déi eng Affär um Geriicht brauch, ass natierlech dissuasive. De Coût net ëmmer, wéinst den Assurancen. Et bleift, dass et och eng Manéier ass fir d'Bierger ze responsabiliséieren, an deem Sënn dass se sech solle selwer këmmeren ëm déi Problemer déi se hu mat enger Verwaltung, amplaz hir Problemer einfach engem aneren ze déléguéieren, deen dofir bezuelt gëtt als Professionellen dat ze maachen, also ouni sech selwer drëm ze këmmeren.

Esou gesinn ass et och e Moyen vun Emancipatioun vun engem erwuessene Bierger, fir sech selwer ëm seng Problemer ze këmmeren, déi, soit dit en passant, ëmmer dann am beschte kënne behandelt ginn, wann deejéinegen, deen dat mécht, en Expär an der Saach ass. An ech mengen, dass fir seng eege Problemer jiddferee selwer dee beschten Expär ass an dass, esou gesinn, déi Saach nëmme positiv ze beuerteelen ass.

Et gëtt ausser deene Geriichtsbarkeeten, déi normal zu Lëtzebuerg existéieren, nach eppes wéi den Droit de pétition, an ech sinn als Presidentin vun der Petitiounskommissioun jo gutt placéiert fir mer e Bild ze maachen iwwert dat, wat do geschitt.

Et ass sécherlech ze begréissen, dass esou en Organ existéiert, dass et och vun engem Oppositiounspolitiker däerf presidéiert ginn, mä et bleift, wann een den Text genau kuckt, Folgendes: Engersäits ass d'Petitiounskommissioun nëmmen zoustänneg fir kollektiv Demanden, wat iwwregens erkläert dass all Relatiounen zwëschent der Petitiounskommissioun an dem Médiateur aus dem Text erauskomm sinn, well verfassungsméisseg dat net op ee gemeinsamen Nenner ze brénge wier. Et bleift, dass de President vun der Chamber en éischte Filter ass, fir déi Petitioune weider ze ginn. Et steet nämlech am Reglement, dass de President vun der Chamber décidéiert, ob en déi Petitioune weiderschéckt an eng Spezialkommissioun, d'Petitiounskommissioun, oder awer ob en einfach déi Petitioun déposéiert um Büro vun der Chamber, wat ëmmer dat heescht. Et ass also kloer, dass d'Kompetenz vun der Petitiounskommissioun eng ganz aner ass eiser Verfassung no wéi déi vun deem Médiateur, deen haut soll an der Chamber geschafe ginn, well et do exklusiv ëm individuell Beschwerde geet.

An der Petitiounskommissioun hu mer eis och ee Moment gefrot, ob et interessant wier als Petitiounskommissioun dee wichtegen Domän vun de Plainten aus den Hänn vun deene gewielte Politiker ze ginn an d'Hänn vun engem, deen zwar vun hinne gewielt gëtt, mä deen awer trotzdeem net esou eng Indépendance huet. Dofir hate mer eng Visite zu Berlin beim Petitiounsausschuss vum Bundestag, well Däitschland de Moment nach dat eenzegt Land ass an Europa, wat kee nationale Médiateur huet a wat och, contrairement zu deenen anere Länner, déi viru kuerzer Zäit nach keen haten, kee wëllt. Däitschland wëllt kee Médiateur - se hunn e Wehrbeauftragte fir d'Arméi - well se eng Petitiounskommissioun hunn, déi zoustänneg ass fir déi individuell Beschwerden, déi normalerweis ënnert d'Kompetenz vun engem Médiateur falen.

Mir sinn dann dohinner kucke gaange mat der Meenung ze analyséieren, ob et vläicht, trotz menger Initiativ an där vun der Regierung, net awer vläicht besser wier déi Saachen an der Chamber ze behalen an eis selwer drëm ze këmmeren nom Prinzip: „On n'est jamais aussi bien servi que par soi-même". Mir hunn déi Prozedur do gesinn an hu mat deenen Deputéierte geschwat. Eppes war mir ganz kloer, an de Patrick Santer kann dat sécherlech confirméieren, déi Deputéierte waren alleguerten der Meenung dass et besser wier wann d'Politiker, respektiv d'Politikerinne sech géifen ëm déi Petitioune këmmeren, während de Staff vun der Petitiounskommissioun - 80 Leit - an engem Bericht vun 18 Säiten, deen eis am Virfeld zoukomme gelooss gi war, ganz kloer duerchblécke gelooss huet, dass, egal wat an där Petitiounskommissioun geschitt, déi Décisiounen do ëmmer esou lafe wéi d'politesch Grenze lafen.

Et ass eis kloer gi bei der Assistance, beim Vote - den zweeten Dag vun eiser Visite -, dass déi Décisiounen, déi geholl gi sinn, an déi deen Dag virdru vun de Fraktiounssprecher preparéiert gi sinn, Décisioune waren, déi ganz genau Majoritéit-Oppositioun gelaf sinn, a wou een also muss zur Konklusioun kommen, dass och wa méi Leit sech drëm këmmeren, dat a priori vläicht méi eng grouss Garantie fir eng Impartialitéit wier, dat an der Praxis awer net esou ass. D'Praxis beweist, dass och mat engem Oppositiounspolitiker als President vun der Petitiounskommissioun d'Petitiounskommissioun just dat mécht, wat d'Majoritéit wëllt, well all nei Initiativ muss ofgestëmmt ginn, an all nei Initiativ gëtt esou ofgestëmmt wéi d'Majoritéit dat gären hätt, esou dass och d'Konklusioun ganz kloer no där Visite déi war, dass dee Wee, deen hei ageschloe ginn ass, sécherlech dee besseren ass par rapport zu enger anerer Méiglechkeet.

Geschichtlech huet de Rapporteur eis scho ganz kuerz gesot wou de Médiateur hierkënnt. Vläicht kann een dobäi soen, dass et um europäeschen Niveau, net nëmmen um Weltniveau, eng Associatioun vun nationale Médiateure gëtt, déi regelméisseg zesummekënnt fir Aarbechtsëtzungen, an déi beispillsweis zesummekomm ass fir de 25. Anniversaire vum franséische Médiateur ze feieren, a bei där Geleeënheet eppes ausgeschafft huet, wat entre-temps an dësem Domän als „Le principe de Paris" zitéiert gëtt. „Le principe de Paris dans le domaine de l'Ombudsmédiation, c'est-à-dire de celui de la mal-administration et des droits de la personne." A si definéieren dann 1998 déi Ombudsmédiatioun als „une institution publique indépendante créée par voie législative" - do si mer jo nach ëmmer dobäi -„chargée d'enquêter sur les violations des droits des citoyens par l'administration et sur les dysfonctionnements de celle-ci, habilitée à recommander la correction des injustices et dysfonctionnements."

Et ass also ganz kloer, dass mir eis am Kader vun dëser Definitioun befannen. Da preziséiere fënnef Charakteristiken, déi eng Ombudsmédiatioun muss respektéieren, fir als dat kënnen déterminéiert ze ginn, an dat wieren dann d'Indépendance du médiateur, dat ass am Gesetz zweifellos dran. D'Confidentialité et droit de recevoir des réclamations ass och an der Rei. Pouvoir d'enquête huet de Rapporteur eis explizéiert. Absence de recours contre une décision de l'Ombudspersonne, do gëtt et e bëssen delikat, well mer do op Suggestioun vum Statsrot eng Formulatioun ugeholl hunn, déi am Fong d'Absence de recours nëmme preziséiert bei Décisiounen, déi net zefriddestellend sinn.

Et bleift also wann een Accord kënnt, deen nëmmen deelweis zefriddestellend ass, dass net ausgeschloss bleift, a mengen Ae jiddefalls, dass e Recours kënnt sinn. Dat ass e Punkt, wou et e bësse quokeleg ass. An da kënnt e leschte Punkt, an ech hu mer déi Prinzipien hei elo eréischt de Weekend ugekuckt. Ech hätt se soss natierlech och virdru proposéiert, mä mir hätten et och mat menger Proposition de loi kënne virdru mierken, an zwar hu mer keng Immunité pour les actes acomplis lors de l'exercice des fonctions dran. An dat kann eigentlech net aneschters sinn, well soss ka jo praktesch d'Handlungsweis vum Médiateur an der Praxis onméiglech gemaach ginn duerch systematesch oder prinzipiell Kregéiler, déi et iwwerall gëtt, an esou dass et sécherlech net ausgeschloss ass fir sech déi Saachen do nach eng Kéier unzekucken. Mir hunn iwwregens och nach, wat de Statut ubelaangt, eng Formulatioun am Text, déi nach kënnt besser si wann een Zäit hätt an de gudde Wëlle géing opbleiwen. Ech wëll awer op déi Saachen elo hei net agoen.

Wat awer nach interessant ass, dat ass dass op deem Colloque zu Paräis probéiert ginn ass déi Ombudsmédiatioun ze déterminéieren. A fir eng Definitioun ze ginn, hu se virun allem gesot wat et net ass. Et steet am Text hei: „L'Ombudsmédiation est une institution qui n'est ni un arbitre choisi par les parties car l'arbitrage est un mode juridictionnel non-étatique, mais obligatoire car convenu d'avance." D'Médiatioun muss natierlech volontär bleiwen. „Deuxièmement, ni une juridiction dans la décision s'impose aux parties au litige." Do si mer och an der Rei. „Ni un enquêteur qui établie un rapport sur une situation particulière, c'est l'évidence même", well en huet jo awer, wann e keen Décisiounspouvoir huet, Enquêtëpouvoiren an ähnleches. „Ni un négociateur dont le rôle est d'arriver à une solution médiane", well dat géing heeschen dass en ëmmer muss d'Bir an der Mëtt splécken. Dat ass sécherlech net an der Missioun hei. „Ni un gadget institutionnel, ni une autorité administrative, mais", an da kënnt am Fong dat wat laang probéiert ginn ass als negativ ze beschreiwen, „une institution indépendante sui generis". An ech mengen, mat all deene Kritären do hätte mer mat eisem Text op jidde Fall keng Schwieregkeeten.

Et bleift eventuell dann nach ze décidéieren, ob déi Missioun, déi de Médiateur hei kritt, dann d'Médiatioun ass, well dat misst se jo eigentlech si mat deem Numm, deen d'Regierung décidéiert huet där Institutioun ze ginn, oder awer ob et e Conciliateur ass, wéi dat op jidde Fall an deem Gesetz iwwert d'Médiation pénale ass, wou d'Pouvoirë vum Médiateur esou ëmrass sinn, dass se iwwert dat erausgi wat normalerweis e Médiateur däerf maachen.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Dofir ass et dann elo interessant ze kucke wat d'Differenze sinn tëschent engem Médiateur an engem Conciliateur, an do ass et ganz kloer esou, dass e Conciliateur eventuell ka recommandéiert ginn, während e Médiateur ëmmer nëmme fräiwëlleg ka befaasst ginn. Also esou gesi wier et ganz kloer eng Médiatioun, an déi zweet Konditioun fir ze definéiere wat d'Differenz ass, ass am Fong den Handlungsspillraum vun deem engen a vun deem aneren. Wat de Médiateur méi aktiv Propositioune mécht a probéiert d'Leit op e gemeinsamen Nenner ze kréien, wat e sech méi aktiv perséinlech involvéiert, wat e manner e Médiateur ass a wat e méi e Conciliateur gëtt. Also hänkt et gréisstendeels, an de Rapporteur huet et uklénge gelooss, of vum Stil vun der Persoun, ob dat elo eng Médiatioun gëtt oder eng Conciliatioun.

Et ass ënner Fachleit ganz kloer gesot, dass déi Manéier, wéi geschafft gëtt, ofhänkt, net nëmme vun deene Kritären, déi een an en Text schreift, mä mat der Maîtrise vun engem Processus de médiation. Déi Fonctioun ass zesumme mat enger Impartialitéit, déi kengem an d'Wéi geluecht gëtt, eng Geschicht vu Formatioun, well och wa ganz vill Leit, vill Professioneller mengen, si kënnte vun haut op muer en aneren Titel droen ouni eng nei Formatioun ze hunn, esou bleift et, dass déi Formatioun indispensabel ass fir dass déi Institutioun do dee Charakter behält, dee se jiddefalls um Pabeier huet, an net en autoritäre Rappel à la loi gëtt an eng Conciliatioun do duerchgebrätscht gëtt, well da géif d'Chance verpasst ginn iwwer Konfliktléisungsmoyenen eraus am Fong de Lien social ze verbesseren, well wann d'Leit herno aus der Médiatioun méi frustréiert erauskomme wéi se eragaange sinn, dann, fäerten ech, hätte mer näischt geschafft.

Et ass also wichteg fir ze wësse wéi do soll geschafft ginn an et däerf net ausgeschloss ginn, an dat ass et och net, fir d'Leit un en Dësch ze setzen an ze probéiere mat hinnen ze diskutéieren a virun allem ouni Pouvoir se ze iwwerzeegen, dass et iergendwou tëschent deenen zwou verschiddene Vuen eng Wourecht gëtt, déi Intermédiaire kënnt sinn an déi eventuell dozou kënnt féieren, dass en Accord kënnt kommen. Dat ass jo evidenterweis den Zweck, och wa mer eis bewosst sinn, dass iwwert den Zweck vun der Konfliktléisung eraus et eng ganz gutt Opération de publicité fir de Stat ass, fir Transparenz ze spillen an nei Mechanismen anzesetzen, fir déi Transparenz spillen ze loossen, well dat weist a priori e gutt Gewëssen a ka kengesfalls dem Image schueden.

Esou denken ech, dass et vläicht interessant wier fir ganz kuerz ze vergläiche wat eisen Text duerstellt par rapport zum belschen Text oder zum franséischen, well déi däitsch, wéi ech gesot hunn, keen nationalen Ombudsmann hunn, an da kënnt ee soen, dass déi grouss Differenz mam franséischen déi ass, dass dee vum President genannt gëtt, respektiv en conseil des ministres an dass och, wann en net a senge Kompetenzen d'Mënscherechter mat dran huet, et ganz kloer ass, dass duerch den Agencement vum Gesetz selwer e ka Recommandatiounen en équité maachen an dass en ipso facto an automatesch Membre de droit ass vun hirer Commission des Droits de l'homme, esou dass et op deem Punkt relativ vill, ausser der Nominatioun, op dat erauskënnt wat bei eis um Pabeier steet.

An der Belsch ginn et der e puer wat eng belsch Spécificitéit ass an hoffentlech bleiwe soll, an et ass ganz kloer do esou dass déi Kompetenze sech och gréisstendeels iwwerschneiden, wéi dat bei eis de Fall ass, esou dass mer deelweis eppes vum franséischen Text hunn an deelweis eppes vum belschen.

Et bleift bei de Similituden oder bei den Differenze mat auslännesche Gesetzer vläicht nach ze erkläre wou dann d'Similituden an d'Differenze sinn tëschent menger Propositioun an dem Projet vun der Regierung. D'Positioun vun der Regierung huet natierlech och gemierkt, dass en differente Konzept do wär tëschent der Propositioun an dem Projet iwwert de Champ d'intervention.

Et ass ganz kloer, dass a menger Propositioun d'Promotioun vun de Mënscherechter matdrastoe komm ass, explizit, während op deem Punkt dat net d'Intentioun vum Projet de loi ass an och net d'Meenung vun der Kommissioun ass. Dat ass eng Feststellung. Et bleift, dass aus där Differenz eraus e ganze Koup Similituden am Text sinn, déi ech ganz kuerz wëll opzielen, ier ech dann zum Schluss op déi aner Differenze kommen, déi awer méi accessoirer Natur sinn.

Déi zwee Texter gesinn eng Nominatioun duerch d'Chamber vir. De Projet preziséiert d'Modalitéite vum Vote an ech mengen, dat ass eng gutt Saach, fir dass doriwwer eng Klorheet besteet, an déi zwee Texter gesinn e Serment vir, just dass den Text vun der Kommissioun a vun der Regierung virgesäit, dass dee Serment soll geleescht ginn ënnert d'Hänn vum Grand-Duc, während a menger Propositioun, vu dass et en Organ vun der Chamber ass, deen Eed soll ofgeleescht gi beim President vun der Chamber.

An deenen zwee Texter ass d'Indépendance ouni Contestatioun garantéiert. Interessant ass, dass et am éischten Artikel ass vum Regierungs- respektiv vum Kommissiounstext, während et en aneren Artikel ass op enger anerer Plaz a menger Propositioun. D'Conditions d'éligibilité sinn och interessant a praktesch déiselwecht, ausser der Tatsaach dass d'Expérience professionnelle utile bei mir eng Minimumdauer vun zéng Joer hat, déi sech am Text vun der Kommissioun net erëmfënnt, während d'Kommissioun et derwäert fonnt huet, menger Meenung no zu Recht, fir drop hinzeweisen, dass déi dräi Sprooche misste kënne geschwat gi vun engem Kandidat op dëse Posten.

Iwwert d'Incompatibilitéiten, mengen ech, besteet och keng grouss Differenz tëschent deenen zwee Texter, ausser dass de Mandat électif vläicht méi prezis am Regierungstext libelléiert ass, well et ganz kloer ass dass, ob et eng Fonction élective ou non ass, se incompatibel ass mam Mandat. Dat ass eng Prezisioun, déi sech eventuell op e Member vum Statsrot kënnt bezéien, an an där Hinsicht eng utile Prezisioun.

D'Confidentialitéit ass ganz wichteg, se ass an deenen zwee Texter dran. Leider ass se, Här Rapporteur, an eisem Text net fir d'Personal vum Büro vum Médiateur dran. Och dat ass ee vun deene klenge Punkten, déi een eng Kéier kënnt nobesseren, ouni dass dat eng dramatesch Affär misst sinn.

D'Modalitéite vun der Saisine hu gemeinsam, dass se keen Ënnerscheed maachen iwwert d'Nationalitéit vum Demandeur, vum Plaignant, an dass se kënnen direkt gemaach ginn, dass se natierlech gratis sinn, dass an deenen zwee Texter en Intérêt personnel an en Intérêt à agir muss do sinn. Dat fir ze vermeiden, dass eng Flut vun

Affäre géingen ugoen. A fir dat eben ze évitéieren, waren a mengem Text och Saachen dran, déi vläicht net esou abwegeg waren, dass ee se net hätt kënnen iwwerhuelen, an zwar Méiglechkeeten, Irrecevabilitéitsgrënn vun de Plainten, beispillsweis wa keng Identitéit vum Plaignant bekannt ass oder d'Adress net komplett ass, wann et eng Demande manifestement non fondée ass, wa schonn eng Décisioun an där selwechter Matière geholl ginn ass oder wann eng Décisioun geholl ginn ass, an där keen neit Element dran ass. Och dat wieren eventuell Iddie gewiescht déi een hätt kënnen iwwerhuelen. Dramatesch ass et net, well dat kënnt eventuell och nach duerch e Règlement intérieur nogebessert ginn.

De Recours géint d'Décisioune vum Médiateur…

M. le Président.- Madame Err, ech wollt Iech nach op d'Riedezäit opmierksam maachen.

Mme Lydie Err *(LSAP), auteur.*- Ech huelen d'Riedezäit vun... Ech kéint theoretesch zweemol eropkommen, mä ech hunn elo nach fënnef Minutten an da sinn ech ganz fäerdeg.

M. le Président.- Gutt, Madame Err.

Mme Lydie Err *(LSAP), auteur.*- D'Recoursen. Wat ass mat de Recoursë géint d'Décisioune vum Médiateur? Mir wëssen dass do eng Recoursméiglechkeet opstoe bleift déi besser zou wier, an ech mengen dass et och op deem Punkt interessant wier eventuell drop zréckzekommen. An deenen zwee Texter, an dat ass eng aner Similitude, sinn d'Reklamatioune beim Médiateur net suspensiv an och net interruptiv vun den Délaien um Geriicht. Et bleift dass et wichteg wier, dass bei enger Plainte, déi déposéiert gëtt, de Plaignant géif drop opmierksam gemaach ginn, dass déi Délaie lafen, fir dass e sécher ass dass en net d'Délaie verpasst, well e sech drop verlooss géing, eventuell drop verlooss kéint, dass säi Recours bei de Médiateur suspensiv wier.

Iwwert d'Qualifikatioune vum Médiateur besteet och an deenen zwee Texter praktesch keng Differenz, ausser dass den Text vun der Kommissioun d'Moralitéitsgarantië mat dran huet an déi dräi-Sprooche-Konditioun, sou dass och do mengen ech keng ze vill grouss Dissensioune sinn.

D'Immunitéit bleift mengen ech ee vun deene Punkten, déi aneschters sinn. De Fin de mandat ass aneschters, well d'Formulatioune vum Text vun der Kommissioun elo eng aner sinn. Et bleift nach een Detail an den Differenzen, an zwar deen dass a menger Propositioun dra stoung, dass de Médiateur kënnt sech vun Expären entouréieren, wann en dat wéilt. Ech mengen dass en dat och kënnt maache wann et net am Text steet, wann et an e Règlement intérieur géif erakommen. An eng kleng Differenz, a vläicht eng lescht oder eng zweetlescht, ass déi, dass mengem Text no d'Nominatioun vun de Collaborateure ganz kloer d'Initiativrecht beim Médiateur louch, während dat de Moment am Text vun der Kommissioun net de Fall ass.

Et bleift nach eng allerlescht Differenz, an zwar déi dass a mengem Text dra stoung, dass wann de Médiateur am Kader vu senger Aarbecht géif drop higewise kréien, dass e Crime oder en Délit gemaach gi wier, dass en déi misst beim Parquet dénoncéieren. D'Kommissioun huet décidéiert, zu Recht, dass dat iwwerflësseg wier, sou dass een och an därer Hinsicht ka vun enger Verbesserung vum Text schwätzen.

D'Initiative législative, mengen ech, hat ech vergiess. Vläicht ee Wuert dozou. Ech hat se a mengem Text dran. D'Regierung och. D'Kommissioun hëlt se raus. An ech muss soen, dass, à réflexion faite, dat eng richteg Décisioun ass. Wa mer kee Mélange des genres wëlle maachen zwëschent där neier Institutioun an deene bestehenden, dann ass et vläicht vill besser dass d'Regierung net kann, wéi et am Regierungstext stoung, de Médiateur befaassen, well se aner Méiglechkeeten huet seng Problemer ze léisen, während et och logesch ass dass iwwert déi Recommandatiounen, déi de Médiateur ka maachen, eraus net nach e Parlamentarierrecht soll ugehaange ginn. Et ass eng Clarificatioun vun de Rôlen an ech mengen dass och dat eng richteg Décisioun ass an eng Verbesserung vum Text.

Dat, Dir Dammen an Dir Hären, zu mengem Text. Ofschléissend eng Remarque: Ombudsmänner oder Médiateurë sinn in de Moment. Mir hunn net nëmmen zu Lëtzebuerg an deene leschten zwee Méint e Centre de Médiation du Barreau de Luxembourg kritt, mir hunn och nach - an dat sinn ech d'lescht Woch eréischt gewuer ginn - um Barreau vu Lëtzebuerg en Ombudsmann geschafen, an ech liesen lech vir, well et interessant ass bei de Missiounen, zwee Sätz aus dësem Informatiounspabeier: „Le justiciable insatisfait" kritt also d'Méiglechkeet sech gratis un en Ombudsmann vum Barreau ze wenden an d'Missioun, Här Rapporteur, ass eng interessant. D'Missioun ass déi: „Sa mission est de tenter d'assurer la bonne compréhension mutuelle dans les relations entre les avocats et leurs clients." Also net wéi Är Definitioun aus dem Larousse, aus deem grousse Larousse, mä éischter wéi meng aus deem klengen, net nëmmen d'Konfliktléisung, mä virun allem Transparenz a Versteesdemech förderen an domadder, an dat ass mäi lescht Wuert, de Lien social resserréieren, well ech sinn der Iwwerzeegung dass iwwert d'Utilitéit vun dësem Text eraus de Lien social dat ass, wat zu Lëtzebuerg am meeschten Nohuelbedarf hätt fir dru geschafft ze kréien. Voilà.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Ech géif dem Auteur vun der Proposition de loi, der honorabeler Madame Err, merci soen an dann dem Partrick Santer d'Wuert ginn, deen als éischte Riedner ageschriwwen ass. Här Santer, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Patrick Santer *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur, mengem Fraktiounskolleeg Paul-Henri Meyers merci soe fir säin excellente schréftlechen a mëndleche Rapport, an deem e souwuel d'Geschicht vun der Institutioun vum Médiateur retracéiert huet wéi d'Attributioun an d'Missioun vun dëser Persoun duergeluecht huet. Ech wëll elo net weider an den Detail vun deem agoe wat den Här Meyers schonn hei behandelt huet, mä vill méi op dat agoe wat d'Aféierung vun engem Médiateur bedeit a wat se net bedeit.

Ier ech dat maache kommen ech awer net derlaanscht fir menger Satisfactioun driwwer Ausdrock ze ginn, datt mer zu Lëtzebuerg e Médiateur kréien. Dëst ass nämlech e Pluspunkt, eng Beräicherung fir eis Demokratie. Dës Institutioun gëtt ëmmer méi, a meng Virriedner hunn dat scho gesot, zu enger Normalitéit an demokratesche Staten. Si ass e konkreten Ausdrock dovun, datt d'Verwaltung am Déngscht vun de Bierger steet an datt de Bierger géigeniwwer der Verwaltung e Recht op eng effikass a séier Behandlung vu sengen Uleiessen huet. D'CSV huet all déi Zäit, während där sech mam Projet de loi befaasst gouf, iwwert dee mer elo ofstëmme wäerten, um Prinzip vum Médiateur festgehalen, och wann anerwäerts zäitweileg gewackelt gouf. Dat hu mer aus guddem Grond, mä virun allem aus der Iwwerzeegung iwwert d'Richtegkeet vun der Aféierung vun engem Médiateur gemaach. Mir stoungen zum Projet a mir wollten de Médiateur a mir sinn iwwerzeegt dovun, datt dës Institutioun, dëse Médiateur en integrale Bestanddeel vun eiser institutioneller Landschaft wäert ginn an datt d'Bierger am Land et wäerten appréciéieren, datt mer en elo kréien.

D'Präsenz vun engem Médiateur an der institutioneller Landschaft vu Lëtzebuerg déngt dem Equiliber tëschent der Verwaltung an de Bierger. De Médiateur soll Ausgläich schafen an eng Balance hierstellen tëschent den Usprëch an Erwaardunge vun deenen engen an de Praktiken an de gesetzlechen a reglementaresche Contraintë vun deenen aneren.

Sou gesinn ass de Médiateur eng Persoun op där eng grouss Verantwortung laascht, an déi muss absolut onofhängeg vun allen Interesse si mat deenen en a Beréierung kënnt. Och muss e seng Funktioun op vëlleg onparteiesch Manéier ausüben an däerf net dora beaflosst gi vu perséinleche Relatioune mat Leit déi e befaassen oder mat Beamten déi mat Affären ze dinn hunn déi en interesséieren. Dat verlaangt net nëmmen eng ausseruerdentlech Retenue an eng ganz grouss perséinlech Integritéit, et ass gläichzäiteg och d'Garantie derfir datt de Médiateur Unerkennung a Respekt do virfënnt wou en intervenéiert. Seng eenzegaarteg Positioun - et ass kee Beamten an en huet kee Supérieur hiérarchique am eigentleche Sënn vum Wuert - also ass d'Viraussetzung fir eng optimal Wierkung vu senger Aarbecht.

Här President, de Médiateur, wéi mer dee Mënsch elo offiziell nennen, gëtt eng Zort Mëttler tëschent de Welten. Duerfir brauch en intellektuell, mä virun allem mënschlech Fäegkeeten, well de Médiateur ass am Endeffekt dofir do d'Relatiounen tëschent de Verwaltungen an de Bierger ze vereinfachen an ze verbesseren. An dat ass eigentlech alles anescht wéi eng liicht Aufgab.

D'Législatioun an d'Réglementatioun, dat ass eng onbestridden Tatsaach, gi quasi all Dag méi ëmfangräich, méi komplizéiert a méi technesch. D'Bierger fanne sech an deem Dschungel vu Gesetzer, Reglementer, Direktiven, Circulairen an Uweisungen, déi ville Verwaltungsofleef zu Grond leien, net méi erëm. Och an der Verwaltung gëtt et mat der Zäit net méi einfach fir d'Praxis mat den Texter an Aklang ze brëngen an dann och bannent kuerzer Zäit Unträg ze evakuéieren. Aus deem Ëmstand ergëtt sech, datt vill Bierger net méi versti woufir hier Ugeleeënheete bei der Verwaltung esou laang daueren an d'Administratioun net grad erfreet ass, permanent mat Nofroen a Reklamatioune belästegt ze ginn.

Dir gesitt, et geet hei net ëm eng Scholdzouweisung an ech wëll och keng maachen. Ech wëll just feststellen, datt et deelweis erhieflech Schwieregkeeten am Versteesdemech tëschent Verwaltungen a Bierger gëtt. An hei läit eng wichteg Feststellung zur zukünfteger Roll vum Médiateur. D'Institutioun vum Médiateur gëtt net geschaf fir der Verwaltung ze schueden oder Mësstrauen hir géigeniwwer auszedrécken. De Médiateur soll net den Ausdrock si vum Dogma vun enger permanenter an allgemeng gülteger Présomption irréfragable de culpabilité géigeniwwer der Verwaltung. Et geet hei net drëm ze soen, datt d'Verwaltung grondsätzlech an ëmmer e Feeler begaangen huet, an datt de Bierger grondsätzlech an ëmmer a sengem Recht ass. Et geet hei net ëm Gutt a Béis, an dann datt de Médiateur wéi e Superheld oder en Deus ex machina antrëtt fir de Béisen ze bestrofen an de Gudden ze befreien.

De Médiateur gëtt agefouert, well et objektiv Schwieregkeeten a Meenungsverschiddenheeten zwëschent der Verwaltung an de Leit am Land gëtt, déi vill verschidde Grënn hunn, an déi een dans la mesure du possible soll ausserhalb vun de Geriichter léisen, well een net ëmmer Meenungsverschiddenheeten, déi een aussergeriichtlech léise kann, zu regelrechte Konflikter muss entfale loossen, andeems d'Geriichter saiséiert ginn. Well dëst d'Konzeptioun vum Médiateur ass, muss dat och e Mënsch sinn, deen d'Verwaltung, hir Prozeduren an hir Sensibilitéite kennt. Hie muss kënnen den Ënnerscheed maachen tëschent Demandë mat deenen d'Querulante just e prinzipielle Klengkrich wëllen ustiwwelen an deenen Ufroen, déi e sériöse Fong hunn, well do eppes wierklech net klappt oder ze klappe schéngt. An da muss op eng verstänneg a gläichzäiteg entschlossen an effikass Manéier probéiert ginn deen een an deen anere beieneenzeféieren.

Dat wäert natierlech net ëmmer goen. Dat wësse mer. An do bilde mer eis an der CSV och näischt an. Mä et soll dacks klappen, well mer der Iwwerzeegung sinn, datt eng vermëttelt Problemléisung besser ass wéi eng vun de Geriichter imposéiert Problemléisung. An deem Kontext kënnt dobäi, datt e Bierger, deen e Problem mat der Verwaltung huet, net direkt vru Geriicht kloe soll, an eisen Aen, mä ganz dacks och net kloe wëllt, virun allem wéinst der Komplexitéit, der Dauer an de Käschte vun engem Geriichtsverfahren.

Vill Leit traue sech och ganz einfach net engem Affekot eng administrativ Klo unzevertrauen a wäerten et appréciéieren, datt mer eng aussergeriichtlech Instanz schafen, déi hinne kann hëllefen hir Problemer op eng méi effikass Manéier ze léisen. D'Interventioun vun engem Geriicht huet normalerweis just zur Folleg, datt an engem eenzege Fall eng Verwaltungsdécisioun bestätegt oder ëmgeworf gëtt. Wann awer de Médiateur sech aschalt, da kann et gutt sinn, a mir striewen dat eigentlech och un, datt eng Verwaltungspraxis geännert gëtt, datt also duerno all Mënsch, dee sech am selwechte Fall erëmfënnt, vum Resultat vum Médiateur senge Beméiunge ka profitéieren. Dëst féiert op Zäit zu enger méi biergernoer Administratioun, déi sech verstäerkt drëm suergt, datt hir Ofleef a Prozeduren effikass novollzéibar an transparent sinn.

Et kënnt dobäi, datt, entgéint deem wat fir eng Geriichtsprozedur gëllt, dem Médiateur seng Interventioun an engem Uleies vun engem Bierger gratis ass. Si soll och eben net direkt eng Géigereaktioun vun der Verwaltung ervirruffen, esou wéi dat dacks de Fall ass, wann eng Administratioun ugesicht gëtt, mä just dozou féieren, datt eng fir béid Säiten akzeptabel Léisung fir e bestëmmte Problem fonnt gëtt. De Médiateur kritt kee Pouvoir fir der Verwaltung Uerderen ze ginn. Hie wäert och net a Verwaltungsofleef u sech agräifen. Seng Aufgab ass et e Problem, deen him ugedroe gëtt, ze préifen, sech eng méiglech Léisung dovu virzestellen an déi mat deene betraffene Stellen ze diskutéieren, mam Zil sech ze eenegen.

De Médiateur, esou steet et kloer am Projet de loi, «conseille le réclamant et l'administration. Il suggère toutes les recommandations à l'endroit du service visé et du réclamant», also béide Säiten. Natierlech muss de Médiateur sech un d'Gesetzer halen, wéi d'Verwaltung an de Bierger och. „Nul n'est censé ignorer la loi", och wa Verschiddener dës Formel als eng hautzudags anachronistesch Floskel ofstempelen.

Wann also näischt dran ass, dann ass eben näischt dran. De Médiateur ass net dofir do Sonnerweeër ze fannen oder fir d'Regelen an d'Gesetzer esou laang ze béie bis datt se briechen. Dat ass net seng Aufgab. Dat kann hien net maachen. Dat däerf hien net maachen. Mä dat wat de Médiateur däerf a wat seng eigentlech Charge ass, ass all d'Méiglechkeeten, déi e Bierger den Texter no an enger bestëmmter Situatioun huet, auszeloten a mat him an der concernéierter Verwaltung zesummen déi beschte Léisung fir e Problem ze fannen. Op dës Manéier soll et zu enger wierklecher Verbesserung vun de Relatiounen tëschent der Verwaltung an de Bierger kommen, an dat ass en Zil, deem et wäert ass sech ze verschreiwen.

Här President, de Médiateur soll d'Vertrauen, wat d'Bierger an d'Verwaltung hunn, verstäerken, andeem hien dobäi hëlleft, datt si sech besser verstinn. Näischt weider, mä och näischt manner. De Réckgréff op d'Interventioun vum Médiateur ersetzt keng bestoend Handlungsméiglechkeete vun der Administratioun oder vun de Bierger. E schaaft och keng vun deene Méiglechkeeten of. Doniewent interféréiert de Médiateur och net mam Petitiounsrecht, dat esou erhale bleift wéi mer et haut kennen, fir d'Chamber mat kollektiven Doléancen ze befaassen.

De Médiateur kënnt bei all déi aktuell Méiglechkeeten an Dispositiounen dobäi. Säi Service gëtt eng zousätzlech Ulafstell, un déi d'Bierger sech individuell kënne wenden, amplaz direkt e Prozess ze féieren, iwwregens och nach nodeems se eventuell schonn en administrative Prozess gefouert hunn, an amplaz eng Verwaltungsdécisioun, déi se net verstinn, einfach résignéiert hinzehuelen.

Ech géif mer wënschen, datt d'Verwaltung sech vum Médiateur net bedrot oder hannergaange fillt, mä datt si vertrauensvoll mat him zesummeschafft am Sënn vun der Effikassitéit vun den Institutiounen an dem Vetrauen, déi d'Bierger dem Stat entgéint bréngen.

Mat der Schafung vun der Funktioun vum Médiateur beräichere mer eis Demokratie a mir bréngen d'Verwaltung de Bierger méi no. De Médiateur ass also en Deelstéck vun enger konsequenter Politik vun der Moderniséierung vun eisem Stat. Meng Fraktioun an ech sinn also frou, datt mer dëst Gesetz haut kënne stëmmen, an ech bréngen och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Santer. Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger ageschriwwen. Här Rippinger, Dir hutt d'Wuert.

***(Interruption)***

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Dat wëllt awer näischt heeschen, wann ech vu rechts kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si wahrscheinlech ee vun deene wéinegen heibannen, déi net ganz enchantéiert waren a si fir hei zu Lëtzebuerg d'Fonctioun, d'Institutioun vun engem Médiateur anzeféieren.

Ech sinn nämlech der Meenung, an dat war eng reng juristesch Approche, dass et eng Rei vu Méiglechkeete gëtt d'Administratioun ze saiséieren, ze dessaiséieren oder bei der Administratioun ze intervenéieren. Et gëtt notamment de Recours gracieux, dee ganz oft eng Méiglechkeet ass fir bei der Administratioun net nëmme virzespriechen, mä och seng Moyenen, seng Argumenter virzedroen. Et gëtt, säitdem dass de Conseil d'Etat net méi als éischt an als lescht Instanz a Matière administrative décidéiert, eben en double degré de juridic-

tion en matière administrative, an, vläicht e manner juristescht Argument, mä mir kënnen dach awer och hei nach zu Lëtzebuerg behaapten, dass et eng gutt fonctionnéierend Fonction publique gëtt.

Ech hu gefäert et kënnt eng Interférence ginn tëschent de Fonctiounen, de Missioune vun dem Médiateur an unhängege Verfahren oder Verfahren, déi virun déi Juridictioune géinge kommen. Dann, mäi lescht Argument war, dass een an engem klenge Land wéi mir et sinn dach awer ganz oft déi Leit kennt, dass et méiglech ass virzesprieche bei der Administratioun. An déi vun eis alleguerten, déi a Gemenge sinn, wësse jo awer och wéi et an der Gemeng fonctionnéiert, dass, fir dass e Bierger an der Gemeng eppes an d'Rei gemaach kritt, wann et kann an d'Rei gemaach ginn, ee kee Médiateur braucht.

Ech weess awer, an ech war mer dessen och bewosst, dass am Accord de coalition tëschent der CSV an der DP dee Médiateur ofgemaach ginn ass, esou dass ech mat Selbstverständlechkeet, an ech soen Iech och firwat, elo meng Retizenze vis-à-vis vun deem Médiateur awer e gutt Stéck ofgebaut hunn.

Et gëtt selbstverständlech méi wéi honnert Länner an der Welt, déi eng ähnlech Institutioun hunn, dovunner eleng 37 an Europa. An der EU ass am Joer 1992 de Médiateur agefouert ginn - ech weess zwar net wéi e fonctionnéiert, mä nach existéiert en. A Spuenien heescht en Défenseur du peuple, a Portugal Procureur de justice, am Québec Protecteur du citoyen. A sou wéi bei eis heescht en an de Pays francophones an och an Afrika Médiateur. Hien ass als Institutioun 1809 a Schweden, a besonnesch duerno an de skandinavesche Länner agefouert ginn.

Et gëtt ganz oft als Argument virbruecht, et wär den Développement vun der Demokratie. Lëtzebuerg ass scho laang eng Demokratie. De Médiateur misste mer net onbedéngt hu fir nach déi Demokratie ze développéieren, an och scho guer net fir den Etat de droit ze renforcéieren. Et gëtt natierlech, an domadder sinn ech d'accord, eng Verbesserung vun den deegleche Relatiounen tëschent der Administratioun an dem Administré. Dat ass richteg. D'Objektiver sinn och hei opgefouert ginn, wéi d'Recoursen an den administrative Contentieux ofzebauen duerch d'Kreatioun vun engem Médiateur.

Et gëtt gesot: «…pour remédier à la mal-administration». Dat fannen ech net ganz gutt als Expressioun, well dat gëtt et, géing ech soen, zu Lëtzebuerg net. An dann: «…de contribuer à un mieux Etat». Do kann een och gedeelter Meenung sinn. Dat waren déi dräi Objektiver.

Ech sinn d'accord mat deem, wat de Rapporteur hei gesot huet, an ech géing ganz besonnesch de Président-rapporteur félicitéieren, net nëmme fir säi Rapport hei, mä och fir déi Aart a Weis wéi mer an der Kommissioun deen heite Projet amendéiert hunn. Well dat hei ass de Prototyp vun engem Projet, deen an d'Chamber komm ass an deen aus der Chamber e gutt Stéck aneschters erausgeet wéi en erakomm ass, an dat duerch d'Zesummenaarbecht vun dräi Institutiounen: d'Regierung, déi d'accord war, de Conseil d'Etat, dee Verbesserungen erabruecht huet, an d'Kommissioun mat hirem President, déi eng ganz Rei vun Amendementer abruecht an dem Conseil d'Etat zougeschéckt hunn. Dat heescht, ech sinn der Meenung, dass dat hei effektiv e Projet de loi ass, an dofir hunn ech och haut keng Schwieregkeet fir deen ze stëmmen, och meng Fraktioun net, dee ganz staark verbessert ginn ass, an doduerch dass mer e laang a gutt konnten diskutéieren, an dass jiddereen e bësse Waasser a säi Wäi geschott huet, konnt en Text erauskommen, deen haut ka vu jidderengem gestëmmt ginn.

Meng Attitüd hunn ech direkt an der éischter Sëtzung vun der Kommissioun gesot, an duerno ass et jo dann zu deene Verbesserungen an zu deenen Amendementer komm. A well eise Président-rapporteur dat jo elo in extenso hei esou gutt erkläert huet, brauch ech net en zweete Rapport ze maachen, mä ka mech ganz genau un dat ulehnen, wat hien hei gesot huet. Selbstverständlech kann de Médiateur sech, dat war jo meng Befierchtung, net an eng Geriichtsprozedur amëschen. Hie kann net intervenéieren. Hien ass gehalen un en Uerteel oder un eng Décisioun vum Geriicht, déi en akzeptéiere muss. Dat heescht, mat dësem Projet a mat der Kreatioun vun dem Médiateur ass d'Independenz vun der Justiz garantéiert, och duerch d'Non-ingérence vun dem Médiateur.

Ech wëll just nëmmen dräi kleng Remarke maachen. Et ass gutt an et ass richteg, dass de Médiateur privilégiéiert Relatioune mat der Chamber huet, an dass en och limitativ opgezielt Pouvoirë vun der Chamber garantéiert kritt. Dat eenzegt, wat ech am Fong geholl net ganz richteg verstanen hunn a wat ech och elo nach net konnt aus dem Text erausliesen, dass wuel seng Missioun déi ass, déi de Rapporteur definéiert huet, mä et steet do: „…il est rattaché à la Chambre des Députés". Wat heescht dat? Wéi ass de Cordon ombilical tëschent him an der Chamber? Dat Wuert «rattaché», dat stéiert mech. Awer ech muss soen, do hunn ech och keng richteg aner Formulatioun dofir. Dat heescht, genau wéi bei der Cour des Comptes an der Chamber ass et och hei. Et gi Rapporten zougestallt. De Médiateur muss zum Beispill och Rapporte maachen un d'Chamber. D'Saisine geschitt iwwer en Deputéierten an iwwert d'Chamber. Mä „…il est rattaché à la Chambre", heescht dat och um administrative Plang mat senger gesamter Administratioun? Dat ass fir mech net ganz kloer.

Wat d'Etablissements publics ubelaangt, do suivéieren ech absolut d'Meenung vun deem, wat de Rapporteur hei gesot huet. Ech deelen déi Meenung, besonnesch dass mer d'Activités industrielles, financières et commerciales vun den Etablissements publics ausgeschloss hunn, an do net de Conseil d'Etat suivéiert hunn.

Dann d'Saisine, déi zweet Remarque déi ech ze maachen hunn. Déi Saisine gëtt natierlech schréftlech, a wat och wichteg ass, se kann och mëndlech gemaach ginn, an all d'Persounen, och d'Personnes morales de droit privé genau wéi och d'Deputéierte kënnen de Médiateur saiséieren.

Seng Moyens d'action. En huet eigentlech kee Pouvoir de sanction. Hien ass dat, wat een nennt e Médiateur, mä wann deejéinegen net mat där Léisung d'accord ass, déi e proposéiert, dann huet en net vill Méiglechkeeten. En huet keng Méiglechkeet d'Leit ze forcéiere seng Décisioun ze akzeptéieren. Et kann ee soen, dat wier gutt esou. Mä wat kann e maachen? En huet kee Moyen de sanction. E kann also nëmmen eng Recommandatioun maachen. Déi Recommandatioun, déi ka richteg oder falsch sinn, vun deem engen akzeptéiert ginn oder net, oder vun deem aneren. Dat heescht, iwwert d'Recommandatioun eraus huet e kee Pouvoir. Op där anerer Manéier kann e senger Décisioun, oder dat wat e recommandéiere wëll oder kann, de Caractère de publicité ginn. Et ass also keen Uerteel. Et ass eng Injonctioun. Och wann een Uerteel kënnt, kann en un d'Administratioun d'Injonctioun ginn, mä e kann awer d'Uerteel selwer net ausféieren.

Engersäits kann ee mer soen, do wär eng gewësse Contradictioun. Ech sinn d'accord, dass déi privilégiéiert Relatiounen, déi mat der Chamber bestinn, e ganz wichtege Punkt sinn, mä en ass cantonnéiert a senger eegenaarteger Missioun. Ech mengen, et muss een och esou enger Institutioun wéi där do d'Chance ginn ze fonctionnéieren, an da gesäit een am Laf vun de Méint an de Joren, wa se da fonctionnéiert, wat een nach eventuell ka verbesseren. Et huet ee vu menge Virriedner hei gesot, et hänkt ganz vill vun där Persoun, Fra oder Mann, of, deen do de Médiateur gëtt, vun deem senger Doigté a vun deem senger Méiglechkeet fir kënne Conciliateur ze spillen an eng Léisung erbäi ze féieren.

Mir wëssen, dass wa mer dat Gesetz hei gestëmmt hunn, de Règlement intérieur vun der Chamber eis virschreift wéi dee Mann oder déi Fra genannt gëtt. Wéi dat awer elo geet a wien dat gëtt, dat wësse mer net, a wéi mer saiséiert ginn, mat wat fir enge Kandidaturen, a wéi och ëmmer, dat wäerte mer am Laf vun deenen nächste Wochen a Méint erfueren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ënnert der Reserv vun deenen Observatioune wäerte mir dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Rippinger. Als nächste Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Wuert vu Merci un de Rapporteur, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Hien huet ganz detailléiert, esou wéi mer et vun him gewinnt sinn, de Projet de loi hei explizéiert, an dat bréngt mech dozou datt ech just nëmme brauch e puer Commentairen zum Projet de loi an zu der Iddi selwer vum Médiateur ze ginn.

De Bierger dobaussen huet ganz oft Schwieregkeete mat enger iwwerméisseg staarker Administratioun, mat zahlreiche Prozeduren, mat Formalitéiten, mat Formulairen, déi oft ganz komplex sinn, mat Administratiounen, déi ënnert sech Sträit hunn, wien da kompetent ass, wien dat soll maachen, wou d'Limitë sinn.

De Bierger huet och ganz vill Problemer mat den Délaien, sief et um Niveau vun der Justiz, sief et um Niveau vun der Administratioun. Et muss een hei dem Bierger entgéintkommen. Mir gesinn, datt ablécklech de Bierger nëmmen eppes ka maachen, dat ass Recoursen huelen, intervenéiere bei sengem Deputéierten, oder bei der Regierung, respektiv Recoursen huele bei der Cour européenne de Justice. An do muss ee soen, datt Lëtzebuerg bal amgaangen ass en Abonnement ze kréien, fir beim europäesche Mënscherechtsgeriicht wéinst dem schlechte Fonctionnement vu senger Justiz condamnéiert ze ginn. Et ass kee Joer wat vergeet ouni datt esou eng Condamnatioun erfollegt. Eréischt virun e puer Deeg ass Lëtzebuerg nees eng Kéier condamnéiert gi wéinst dem schlechte Fonctionnement vun der Justiz, well dee Wort-Prozess iwwer 17 Joer gedauert huet.

Mir hu gëschter ganz laang iwwer e strofrechtleche Prozess geschwat, deen iwwer 10, 11 Joer gedauert huet a wou een och, abstrakt gesi vun deem Prozess selwer, just nëmme feststelle kann datt et inakzeptabel ass, datt Prozesser esou laang daueren.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Et muss een och dofir hoffen, datt mer mat deem Projet de loi, dee mer elo stëmmen, mat deem Knoutermann oder Knouterfra oder mat deem Médiateur, wéi en elo genannt gëtt, de Bierger hëllefe géint déi iwwermächteg Administratioun sech duerchzesetzen, vläicht bessert Versteesdemech ze kréie wou Schwieregkeete sinn an datt mir och als Chamber deen Ablack d'Méiglechkeet kréie fir dorobber ze reagéieren.

Et muss een och hoffen, datt d'Missioun vum Médiateur wäert esou wäit goe fir alleguer déi Fäll opzefänke wou d'Gesetz Onzoulänglechkeeten huet, wou verschidde Leit aus Gott weess welche Grënn duerch d'Masche vun deem Netz vu Gesetzer a Reglementer, dat mer geschafen hunn, falen a vun dëser oder där Mesure net kënne profitéieren oder geschiedegt ginn duerch dës oder déi Mesure, wou mir hei ganz oft net all eenzelne Fall kënnen esou am Detail am Viraus gesinn, deen Ablack wou mer d'Gesetzer stëmmen.

An deem Sënn ass et also eng positiv Saach, wou de Bierger duerch d'Schafe vun engem Médiateur méi Rechter kritt, fir sech géint dee méi Staarken duerchzesetzen.

Dat gesot, wann een also och mam Prinzip kann d'accord sinn, esou gesäit een datt, wann ee muss e Gesetz schreiwen, et da vill méi schwéier ass fir verschidde Saache ganz kloer op de Pabeier ze bréngen a fir d'Missioun vun dem Médiateur kloer festzeleeën.

Ee vun de Punkten ass zum Beispill de Pouvoir d'enquête vum Médiateur. Wéi wäit geet deen? Wat si seng Moyenen? Si se méi wäit wéi déi vum Officier de police judiciare oder vum Juge d'instruction? Alles Froen, wou mer elo am Projet de loi d'Limite gestach hunn, mä nach wäerte mer musse kucke wéi et an der Praxis ausgeet a wat fir eng Informatiounen e finalement kritt, wéi d'Schwieregkeete sech do erginn. Ech gesinn, datt héchstwahrscheinlech wäerten e puer schwéier Brocken op de Médiateur zoukommen, wann e seng Missioun wëllt exercéieren.

Déi zweet Schwieregkeet, déi hie kritt, dat ass d'Selektioun vun deenen Affären ze maache wou e wëllt aktiv ginn an déi wou e seet, déi do gehéiere manifestement op d'Geriichter oder déi do gehéiere manifestement bei de Législateur oder dat do wëll ech net ugoen, well et net an d'Missioun vun engem Médiateur erageet, well et eng Klengegkeet ass oder well et just nëmmen e mauvais coucheur ass oder wou Abüen do sinn. Ech mengen, dat gëtt eng ganz schwiereg an heikel Missioun.

Da schéngt et mer och net esou ze sinn, datt de Médiateur elo de Choix muss maachen en fonction vun engem perséinleche Stil, ob e Médiateur soll sinn oder ob e Conciliateur soll sinn. Mir schéngt et éischter, datt dat muss ofhängeg si vun der eenzelner Problematik vu jiddfer Fall. An all Fall muss de Médiateur sech d'Fro stellen, maachen ech elo méi Médiatioun oder ginn ech ee Schratt méi wäit a kucken ech fir den Administré mat der Administratioun oder der Justiz ze conciliéieren. Dat ass menger Meenung no net eng Affär vu Stil, dat ass eng Décisioun, déi muss au cas par cas geholl ginn.

Dat gesot a sous réserve vun deenen Observatiounen, déi ech gemaach hunn, kann den ADR mat dësem Projet de loi d'accord sinn.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Renée Wagener agedroen. Madame Wagener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President, an der ganzer EU gëtt et an der Zwëschenzäit Ombudspersounen, déi den Dialog tëschent der Bevölkerung an der Verwaltung solle verbesseren a Sträitfäll regelen, ausser zu Lëtzebuerg. Mir sinn dat lescht Land anscheinend wat sech esou eng Ombudspersoun gëtt, an et ass vläicht ee vun deene Kniet an de Wurrele vun de Reformen, déi dës Regierung versicht ze léisen, Kniet déi awer net nëmmen eréischt zënter gëschter, mä heiansdo schonn zënter virgëschter existéieren a Kniet déi haaptsächlech och vun der CSV selwer gestréckt goufen. Dat geschitt mat méi oder manner Erfolleg zum Beispill bei där globaler Verfassungrevisioun, déi mer elo endlech amgaange sinn ze maachen, nodeems jorzéngtelaang Reforme blockéiert gi sinn. Dat geschitt och vläicht, an mer wäerte gesinn, ob mer nach virum Enn vun dëser Legislaturperiod eppes proposéiert kréie bei der duebler Nationalitéit. Et geschitt och duerch den Dépôt vun engem Gesetzesprojet wéi deem heiten, fir d'Aféierung vun enger Ombudspersoun.

Den Thema ass awer net nei, weder an Europa nach zu Lëtzebuerg. Et ass hei gesot ginn, dass mer 1976 schonn e Gesetzesprojet haten, deen ënnert der blo-rouder Koalitioun agereecht ginn ass, an deen um Widderstand vun der erzkonservativer Statsbeamtekummer deemools gescheitert ass. De Pierre Werner, dee Premier wor vun där Regierung, déi duerno komm ass, der CSV-DP Regierung, huet nach 1979 versprach e géif dee Gesetzesprojet nach eng Kéier nei préifen. Dee Projet oder respektiv den Thema u sech ass och ëmmer erëm an diverse Regierungserklärungen opgetaucht, mä als konkrete politesche Projet wor e vum Dësch an 1984 ass en dunn och vum Rôle erofgeholl ginn, wat e Liicht op de Reformwëlle vun de Regierungen aus deene leschte Jorzéngten oder aus deem leschte Véirelsjorhonnert, kënnt ee scho bal soen, werft.

Een aneren indroduktive Punkt, deen ech wëllt uschneiden, ass deen, dass mer am Mee 2001 eng Propositioun vun der Madame Err haten zu deem heite Sujet, déi jo haut och op dem Ordre du jour steet. Déi Propositioun wor also dräi Méint virun dem Projet de loi vun der Regierung deponéiert ginn. An eigentlech wier et jo och denkbar gewiescht, datt een op deem Text geschafft hätt. Dat hätt menger Meenung no och de Respekt vis-à-vis vun der Aarbecht vun den Deputéierten ausgedréckt. Dat ass iwwregens net deen eenzege Beräich, wou d'Regierung esou verfiert. Ech bedaueren dat. Ech denken, datt et flott wier an interessant a vläicht och méi modern, wann ee sech kënnt als Regierung oder als Majoritéitspartei och op Propositiounen, déi vun eenzelnen Deputéierten, eventuell dann eben och aus der Oppositioun kommen, baséieren, a mir wäerten dës Woch wahrscheinlech nach eng Kéier oder ganz sécher nach eng Kéier esou e Fall hunn.

Här President, deen neien Text also, deen elo virläit, entscheet sech an dräi wesentleche Punkte vum Text, deen deemools vun der Regierung Thorn deponéiert ginn ass. Éischtens gëtt d'Ombudspersoun net méi vun der Regierung bestëmmt, mä op Virschlag vum Parlament genannt. Zweetens kann d'Ombudspersoun och net eegenhänneg aktiv ginn, mä ëmmer nëmmen op Antrag vu Privatpersounen oder vum Parlament. An drëttens wor zumindest am initiale Projet virgesinn, datt eng enk Zesummenaarbecht tëschent der Ombudspersoun an der parlamentarescher Petitiounskommissioun sollt entstoen. Dat ass allerdéngs elo net méi de Fall an do wäert ech herno nach eng Kéier drop zréckkommen.

D'Aarbecht vun der Ombudspersoun ass also vill méi wäit an dee parlamentaresche Kontext integréiert gi wéi dat bei där éischter Versioun vun 1976 de Fall war. Mä si ass awer och vläicht méi staark op deem Beräich agegrenzt.

Deen neien Text bitt doniewent awer och, an dat muss een appréciéieren, méi en ausgefeiltend Konzept fir d'Aarbecht an d'Funktioune vum Médiateur, wéi en dann elo hei genannt gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt awer nach kuerz op déi méi oder manner erstaunlech Wid-

derstänn agoen, déi et par rapport zu deem heite Projet gi sinn. Fir d'éischt ass emol vun der Statsbeamtekummer, also dann dës Kéier där aktueller, nach eng Kéier e vernichtenden Avis komm. An ech sinn och do mam Här Meyers net averstane mat där Duerstellung, déi e virdru ginn huet, well et kann ee wierklech net soen, d'Chambre des Fonctionnaires hätt sech an der Zwëschenzäit berouegt, respektiv e bësse méi eng gemässegt Approche hei ageholl. Wann een deen Avis liest, da ginn et eng ganz Rei Zitater, ech huelen der just e puer aus deem Avis eraus: "Le projet pour avis semble baser sur la présomption de culpabilité des fonctionnaires et employés publics, intention à peine cachée dans le texte dont l'objectif semble être de clouer les agents publics au pilori de la nation, dès qu'une demande d'un administré rencontre le moindre obstacle."

Da gëtt geschwat dovunner, dass d'Beamte Boucs émissaires wären, dass dat hei eng Démarche répressive wär, dass déi Fonctioun vun där Ombudspersoun "aussi inutile que superflue" wär an esou virun. Also et gi wierklech genuch Zitater déi beleeën, dass dës Kammer hir Mentalitéit nach net geännert huet.

An da gëtt och behaapt, déi Rekursrechter, déi ee virum Verwaltungsgeriicht zum Beispill hätt, géifen duergoen, an dee System, deen hei géif proposéiert ginn, géif méi Problemer stelle wéi en der géif léisen. Ee selbstkritesche Saz iwwert d'Fonctionnéiere vun der Verwaltung an iwwert d'Schwieregkeeten, déi d'Administréën all Dag mat der Verwaltung erfueren, feelt awer an dësem Avis.

A fir der Saach nach eent drop ze ginn, kann een dann och noliesen, datt an der Conférence des comités vun der CGFP hire Secrétaire général Jos Daleiden dee Projet de loi als eng "grosse bêtise" charakteriséiert.

Et kann een also festhalen, Här President, dass déi Chamber wierklech eng defensiv Positioun par rapport zu deem Projet hei huet an dass deen Image, deen déi Leit vu sech selwer ginn, och éischter konservativ a réckwäertsgeriicht ass, wat net onbedéngt am Sënn och vun enger moderner Opfaassung vun der Verwaltung ass. Et weist am Fong grad, dass dee Médiateur dréngend néideg ass.

Déi Iddi, dass esou eng Médiatioun net nëmme kéint punktuell Konflikter léisen, mä och défaillant Strukture weisen a vläicht Propositioune maachen, wéi se kënnte verbessert ginn, déi kënnt deene Leit am Fong guer net an de Sënn. An dat ass eigentlech bedauerlech, well u sech kéint een dee Médiateur jo wierklech och als eppes Positives verstoen, wat där staatlecher Maschinn erëm géif neien Driff ginn a se géif verbesseren. An ech si sécher, dass och Leit déi beim Stat schaffen duerchaus frou wären, a sech net onbedéngt hei representéiert fillen, wann et e Médiateur géif ginn, an dee kënnt jo och dann elo, deen eng Rei vu Problemer, déi si vläicht gesinn, mä déi se wéinst der Hierarchie net kënnen attackéieren oder léisen, dass déi dann elo hei kënnen ugeschwat ginn.

Et ass also weider net erstaunlech, datt mer deen heiten Avis vun der Chambre des Fonctionnaires publics hunn, dee bleift a senger Linn. Wat vläicht méi erstaunlech ass, dat ass dee vun der Chambre des Employés privés. Déi huet dann och an engem Communiqué matgedeelt, dass d'Kreatioun vun esou engem Service "inadaptée aux dimensions et aux réalités du pays" wär. An domat hëlt se och eng Iddi zréck vun där anerer Kummer, wou am Fong vun der Proximitéit hei zu Lëtzebuerg geschwat gëtt an dass et eigentlech iwwerflësseg wär, hei esou Strukturen ze schafen, well déi administrativ Weeër extrem kuerz zu Lëtzebuerg wären. Op déi Thematik vun der Proximitéit wäert ech herno nach eng Kéier zréckkommen.

D'Chambre de Travail dogéint ass wierklech e bësse méi kritesch an huet sech positiv ausgedréckt vis-à-vis vun deem Projet, och wa se eng Rei vu konkreten Amendementer mécht. Et kann ee sech awer d'Fro stellen, wann een déi Saachen hei liest, an och déi negativ Avisen déi ech elo hei versicht hunn ze resüméieren, wat fir eng Ängschten eigentlech do derhannert stinn. Besonnesch bei der Chambre des Employés privés kéint ee jo d'Fro och opwerfen, ob et net och hei drëms geet, dass an ëmmer méi vun de grousse Betriber och versicht gëtt de Leit Ulafstellen ze bidden, zum Beispill duerch Numéros verts oder aner Méiglechkeete wou se kënne reklaméieren, déi eigentlech e bëssen analog zu deem si wat de Médiateur fir d'öffentlech Verwaltung ass an dass och hei déi Angscht besteet, dass da kéinte Kriticke vis-à-vis vum Fonctionnéiere vun engem Apparat geäussert ginn.

Ech denken, dass dat wierklech eng falsch Approche ass an datt et wichteg wär, dass déi Leit, déi esou Attitüden äusseren, sech géifen iwwerleeën, ob et net méi sënnvoll wär datt se déi Saach géife positiv gesinn an och gesinn als eng Saach, oder eng Méiglechkeet, wéi se hire Look kéinte verbesseren.

Mir hunn dann och an der Kommissioun konnten notéieren, dass net nëmmen déi genannte Beruffskummere kritesch waren oder negativ par rapport zu deem Projet, mä dass och de Fraktiounschef vun der liberaler Fraktioun sech dozou negativ geäussert huet, a gesot huet, hie wär perséinlech géint dee Projet, hien huet dat virdru jo hei och op där Tribün erkläert, an et freet ee sech natierlech, ob een hei muss eng Verbindung hierstellen tëschent där Positioun vum DP-Fraktiounschef an där vun der Chambre des Fonctionnaires publics, well do gëtt et jo, wéi mer wëssen, eng ganz Rei vu Lienen.

Op där anerer Säit muss een awer och feststellen, dass deen éischte Projet, vun deem ech virdru geschwat hunn, vun 1976, jo grad aus enger bloer Fieder komm ass an aus enger blo-rouder Koalitioun staamt, esou datt ech mech awer trotzdeem e bësse wonneren, dass innerhalb vun der DP déi dote Positioun par rapport zu engem Projet besteet, dee jo awer eigentlech a Richtung vu méi Biergernoheet an Transparenz an Dialog geet.

Eng aner Persoun, déi och ganz kritesch ass, vläicht elo net par rapport zu deem heite Projet prezis, mä zum System vum Médiateur, dat ass den Europa-Deputéierte Robert Goebbels. Do konnte mer dann och liesen, datt en um europäeschen Niveau d'Roll vum Médiateur géif staark kritiséieren, an ech hunn hei een Artikel, deen iwwerschriwwen ass: Une institution inutile.

***(Interruption)***

Här President, ech hunn also elo hei de Résumé gemaach vun all deene Leit déi Problemer hu mat dësem Projet de loi an ech hu versicht auszedrécken, firwat datt déi Ängschten do opkommen a firwat déi defensiv Haltungen do bestinn. Ech wéilt awer dann drop zréckkomme wéi mir dee Projet hei gesinn a soen, dass ech dee Projet de loi vum Médiateur als äusserst wichteg gesinn an datt, ech hunn dat jo och schonn ufanks ugedeit, et héich Zäit gëtt, datt mer esou eng Ombudspersoun hei zu Lëtzebuerg kréien.

An ee Beispill ass d'Thema Rassismus. Dir hutt vläicht matkritt an deene leschten Deeg, datt eng Kommissioun vum Europarot, nämlech den CECRI, ausgeschwat ass dat d'Commission européenne contre le racisme et l'intolérance, hiren zweete Rapport iwwer Lëtzebuerg erausginn huet, an dat ass an deem Sënn interessant, well se eigentlech seet, dass et déi Problemer och zu Lëtzebuerg gi vum Rassismus an datt et se och an der Lëtzebuerger Verwaltung gëtt. An ech wéilt lech och hei een oder zwee Zitater virliesen, déi weisen, dass dee Médiateur grad och an dësem Beräich kéint eng wichteg Roll spillen, an deen éischte Punkt, dee betrëfft am Fong déi Thematik vun der Proximitéit.

Et ass virdru gesot ginn, u sech hu mir jo awer zu Lëtzebuerg esou kuerz Weeër an et gi keng Problemer, och an de Gemengen, wann ee sech un ee wennt, da kritt ee seng Problemer ganz liicht geregelt. Ech wéilt awer drop hiweisen, datt dat vläicht grad fir auslännesch Leit net onbedéngt de Fall ass an ech wéilt lech dann och dat Zitat hei virliesen: "Une des raisons souvent avancée pour expliquer l'insuffisance d'application des dispositions pénales visant à lutter contre le racisme et la discrimination raciale est la petite taille du pays et le rapport de proximité qui en résulte. Ils impliquent que cette voie est rarement considérée comme la meilleure solution pour régler les différends. En outre, il a été avancé que les victimes d'actes racistes sont souvent des personnes vulnérables qui craignent des représailles" - an elo kënnt dat Wichtegst - "dans le cas où elles saisiraient la justice, et qui s'abstiennent donc de le faire." Dat heescht also net nëmmen, datt mer grad wéinst der Proximitéit hei zu Lëtzebuerg e Problem hunn, mä dass eben och déi Leit, déi betraff sinn, aus Angscht net viru Geriichter ginn, an dass et also ëmsou méi wichteg ass, datt mir hei zu Lëtzebuerg esou e Médiateur endlech kréien.

Dat zweet Zitat, dat ech lech net wéilt virenthalen, werft nach eng aner Fro op, nämlech déi vun de Personnes morales. Ech zitéieren: «En outre, elle», also d'Kommissioun, «espère que le médiateur aura toute l'attitude pour traiter des difficultés liées au racisme ou à la discrimination raciale dans les relations entre l'administration et les administrés et qu'il veillera à accorder toute l'attention requise à ces probèmes en collaboration avec les autres organes mis en place, telle que la commission spéciale permanente contre la discrimination raciale.», déi mer jo zënter enger Zäitchen zu Lëtzebuerg hunn.

Wat wëllt dat heeschen? Den ECRI seet, ma jo wa mir dee Médiateur hei zu Lëtzebuerg hunn, dann hoffe si, dass deen dann och wäert mat där Kommissioun zesummeschaffen. Do kënnt dann awer e Problem op, well mir hunn eng Zäitchen och diskutéiert iwwert d'Fro wie sech eigentlech kënnt un de Médiateur wennen, dunn ass gesot ginn, dat kënne Privatpersoune sinn, dat kënnen och Personnes morales sinn, mä op alle Fall muss se eng Rechtsperséinlechkeet hunn. Ech weess net, ob déi nei geschafe Commission spéciale contre la discrimination raciale eng Rechtsperséinlechkeet huet.

Kann déi bei de Médiateur goen an him Fäll virdroe vun där Zort wéi ech se virdu beschriwwen hunn? Ech mengen net. Dat bedeit also, dass esou Saachen net kënne fonctionnéiere wéi den ECRI sech se hei wënscht, an dass eng Rei vu Fäll also net kënne behandelt ginn, wann d'Leit net awer selwer aktiv ginn. Dat fannen ech eigentlech awer e bësse bedauerlech. Ech huelen un, datt et eng Rei vun anere Gremie gëtt, déi also an deem Sënn net kënne mam Médiateur zesumme schaffen. An der Kommissioun hu mer jo am Fong haaptsächlech iwwert d'Syndikater geschwat, mä op alle Fall schränkt dat den Handlungsspillraum an. Dobäi kënnt jo och, datt, wéi mer wëssen, déi Ombudspersoun net selwer kann Initiativen huelen, mä muss op Plaintë reagéieren, esou datt ech e bëssen d'Gefill awer hei hunn, dass mer eis selwer do de Fouss gesat hunn.

Här President, ech wéilt dann nach op en aneren Avis ganz kuerz agoen, wat d'Madame Err jo scho genannt huet, an dat ass dee vun der Commission de Venise, déi am Fong am grousse Ganzen der Lëtzebuerger Regierung eng bonne note ausgeschwat huet, wou dann awer och d'Fro opgeworf gëtt vum Här Ragnemann, ob et dann net besser gewiescht wär, wann dee Médiateur op Eegeninitiativ hätt kënnen eng Enquête opmaachen, an hien zitéiert dann och als Beispill: „sur la base par exemple d'informations livrées par les journaux, la radio ou la télévision". An effektiv kann et jo duerchaus sinn, datt och iwwert dee Wee Mëssstänn kéinten un d'Dagesliicht kommen. Wann dann net iwwert Ëmweeër, zum Beispill och iwwer Deputéiert, déi Saach opgegraff gëtt, da gëtt et am Fong net vill Méiglechkeeten, fir datt de Médiateur seng Aarbecht ka maachen.

Dat wëllt also soen, dass den Handlungsspillraum begrenzt ass, an dass bei konkreten Demandë vun enger Persoun, déi sech duerch d'Administratioun léséiert fillt, ëmmer nëmmen och kann eng Médiatioun stattfannen. Dat ass jo virdrun och schonn erkläert ginn. Ech denken och, dass ee sech do wahrscheinlech muss iergendwann tëschent de Systemer décidéieren. Mir hunn dat gemaach andeems mer an d'Richtung vun der Médiatioun gaange sinn, mä et gëtt awer och an deenen Avisen drop higewisen, datt ee méi an d'Richtung vun der Défense vun enger Victime hätt kënne goen.

Här President, dann nach e puer Wierder zum Profil vum Médiateur, an do emol haaptsächlech zur Problematik vun der Altersgrenz. Et ass sécherlech e Fortschrëtt net nëmme par rapport zum Text vun 1976, dass d'Regierung net méi am Spill ass fir de Choix vun där Persoun selwer ze maachen, an dass d'Fonctioun och op aacht Joer begrenzt ginn ass. Ech denken och, dass et positiv ass, dass d'Altersgrenz vun der Kommissioun vun 72 op 68 erofgesat ginn ass. Dat ass e Fortschrëtt, mä ech mengen, dass et awer nëmmen en hallwe Schrëtt ass, an ech erkläre mech.

Wann een hei déi Altergrenz vun 68 hëlt an et denkt ee sech de Worst-Case-Szenario aus, zum Beispill deen, wou e meritante Fonctionnaire oder eng aner wichteg Perséinlechkeet aus dem öffentleche Liewe quasi nach eng Kéier als eng Aart Pré-pensioun op dee Poste gesat gëtt, wéi mer dat jo zu Lëtzebuerg awer alt schonn emol erlieft hunn, da muss dat esouguer net am Alter vun 68 wéiniger aacht also 60 Joer geschéien, mä dat kéint duerchaus och nach méi spéit geschéien, andeems dann déi Persoun net esou laang op hirem Poste bleift, zum Beispill mat 62, 64, 65, 66 oder 67 Joer.

Mä och mat 60, Dir Dammen an Dir Häre, huet een net onbedéngt méi dee Wuppes an déi Dynamik…

***(Brouhaha général)***

…fir déi heite Funktioun ze iwwerhuelen.

Ech hat an der Commission des institutions meng Propositioun gemaach fir net e maximalen Alter festzeleeën, bis wéini datt ee sollt kënnen dee Mandat iwwerhuelen oder dee Posten, mä e maximalen Astellungsalter festzeleeën an deen dann esou ze fixéieren, datt wann een aacht Joer dobäirechent, dass een dann op deen normale Pensiounsalter vun engem Statsbeamte géif kommen. Ech denken, datt dat am Moment 65 Joer sinn. Ech si mer net ganz sécher. Jiddefalls, wann een do nach minus aacht dann ewechzitt, dann hätt een eng Astellungsgrenz vu 57 Joer gehat, an dann hätt een dee worst case do op alle Fall kéinten évitéieren.

Här President, den Här Meyers wëllt mer eng Fro stellen.

M. le Président.- Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- Ech wollt d'Madame Wagener froen: Wiert Der dann och der Meenung eng Grenz no ënnen ze setzen, oder gesidd Der do keng Grenz?

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Här President, eng Grenz no ënnen ass jo souwisou, esouwäit ech weess, festgehale ginn, vu dass et nom selwechte System wéi bei de Statsbeamte fonctionnéiert an ee wahrscheinlech eréischt ka mat 18 Joer agestallt ginn. En plus muss een eng Universitéitsformatioun gemaach hunn, wou déi wéinegste Leit esou super intelligent sinn, datt se se virun deem Alter fäerdeg kréien, esou datt ech mer do net ganz vill Suerge maachen.

Här President, ech kéim dann nach op en aneren Aspekt, dat ass d'Problematik vun der Ausbildung a vun der professioneller Experienz. Hei si mer net op de Wee gaangen iwwert dee mer ee Moment geschwat haten, fir méi eng prezis Ausso an den Text dran ze setzen iwwert déi noutwendeg Kenntnisser am juristeschen, administrativen oder soziale Beräich, mä mir hunn am Fong der Chamber dat e bëssen iwwerlooss, wéi se deemnächst dann dee Profil do festleet, wa se déi Plaz eng Kéier ausschreift.

Dann d'Fro vun de Sproochekenntnisser a vun der Nationalitéit. Hei ass nom Prinzip doppelt gemoppelt déi zwou Saachen an den Text gesat ginn. Et muss een esouwuel Lëtzebuerger si wéi och déi dräi administrativ Sprooche kënnen. Ech wäert lech elo iwwerraschen, andeems datt ech mer d'Fro stellen, ob een net nach méi Sproochen hätt misse verlaangen, well mir hunn zu Lëtzebuerg eng ganz Rei Leit, déi keng vun deenen dräi Sproochen do beherrschen, ob een net vläicht hätt solle froen, dass déi Leit och kéinte Portugisesch respektiv Englesch schwätzen. Dat vläicht nëmmen als eng kleng Boutade.

An da wéilt ech awer drop opmierksam maachen, an domat notzen ech elo einfach schamlos déi Geleeënheet hei aus, …

Une voix.- Kënnt Dir dat?

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- Dat kann ech.

…datt et och fir d'Deputéierten dann endlech wäert méiglech si bei de Médiateur ze goen, a vläicht och heiansdo am hirem eegenen Interessi.

Domat kéim ech op den Thema vun der duebler Nationalitéit, deen ech virdru schonn eng Kéier ugeschwat hunn, an do liesen ech lech e Bréif vir, wou ech eng Copie pour information vum Här Biltgen dëser Deeg emol erëm geschéckt kritt hunn. Och hei bréngen ech lech e klengt Zitat: «Je me permets de revenir à mes lettres du 20 juin 2001, du 25 juillet 2001, du 3 octobre 2002, du 10 octobre 2002, du 4 novembre 2002, du 11 décembre 2002, du 10 janvier 2003, du 14 février 2003, du 14 mars 2003, du 8 mai 2003 et du 16 juin 2003 par lesquelles je vous avais demandé de bien vouloir arrêter votre prise de position à l'égard de la proposition de loi reprise sous rubrique.»

Dee Bréif ass un den Här Justizminister gaangen, mä ech huelen awer un datt en d'ganz Regierung concernéiert. Et geet hei ëm meng Proposition de loi iwwert d'duebel Nationalitéit.

Här President, ech wäert probéieren als éischt op der Lëscht ze stoen, wann ee ka seng Reklamatioune bei deem neie Médiateur areechen.

Ech kommen dann nach op een Aspekt ze schwätzen, dee méi

schwiereg ass, nämlech d'Roll vun der Commission des Pétitions. De Projet de loi war souwisou scho relativ schwammeg, wann et ëm déi prezis Aufgabe vun der Petitiounskommissioun gaangen ass. Elo ass et awer esou, haaptsächlech och well de Conseil d'Etat sech do queesch geluecht huet, datt d'Commission des Pétitions am Fong quasi ganz aus dësem Text verschwonnen ass. Dat kann ee gutt oder schlecht fannen, mä ech hunn awer d'Gefill datt mer eis domadder de Problem vläicht ze einfach gemaach hunn, respektiv datt mer versäumt hu bis elo driwwer nozedenken, wat dann d'Roll vun der Petitiounkommissioun wäert sinn, wann et déi Ombudspersoun deemnächst gëtt.

Et ass natierlech esou, datt am Moment haaptsächlech déi Petitiounskommissioun éischter kollektiv Demanden ophëlt, an datt déi Ombudspersoun Eenzelfäll wäert zougedroe kréien, mä et kann een awer scho ganz sécher sinn, datt déi Leit, déi kollektiv Petitiounen erareechen, och eenzel sech wäerten un de Médiateur riichten, datt et also d'Fro trotzdeem wäert ginn, ob hei net double emploi wäert entstoen. Do muss een, mengen ech, als Chamber awer de Courage endlech hu fir sech dohin ze setzen an iwwert d'Roll vun der Petitiounskommissioun nozedenken, eventuell och de Courage hu fir, wann et muss sinn, d'Verfassung ze änneren, déi eng Rei vun de Fonctioune vun där Kommissioun festhält.

An da wéilt ech och nach drop hiweisen, datt eigentlech d'Petitiounskommissioun mat där heite Problematik ganz am Ufank befaasst war. Si ass do e bëssen aus dem Boot gesat ginn, well iergendwann huet d'Conférence des Présidents décidéiert et wär net d'Petitiounskommissioun, mä d'Institutiounskommissioun, déi sech elo mat deem Projet de loi géif befaassen. Ech hunn dat net onbedéngt esou elegant a gënschteg fonnt, well wa mer mat der Petitiounskommissioun zumindest zesummegeschafft hätten a méi en Austausch gehat hätte wéi et schlussendlech de Fall war, hätte mer vläicht déi dote Fro och besser kënnten an de Gréff kréien.

Här President, ech kéim zu menger Konklusioun. Ech denken, a meng Fraktioun denkt dat natierlech och, datt et e richtege Schrëtt ass, e grousse Schrëtt ass fir Lëtzebuerg, och wann e mat engem Véierelsjorhonnert Retard endlech gemaach gëtt. An enger Rei Detailer hätte mir eis gewënscht, datt dee Projet, dee finalement zréckbehale ginn ass, méi couragéis oder méi wäit gaange wär an där neier Ombudspersoun méi Handlungsspillraum ginn hätt, mä ech kann awer gudde Gewëssens den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet bréngen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech geheieren zu deenen, déi net der Meenung sinn, wéi den Här Rippinger dat formuléiert huet, datt mer hei eigentlech eng onnëtz Operatioun maachen. Ech si frou, datt d'Demokratesch Partei sech net duerchgesat huet op deem dote Punkt bei de Koalitiounsverhandlungen.

***(Interruption)***

Ech war leider hei, wéi Dir Är Interventioun gemaach hutt. Déi war voller Kritik vum Prinzip hier an Dir sot, Dir hätt Bedenke bei deem heite Projet gehat.

***(Interruption)***

Et ass net verbueden. Ech si frou, datt Der déi Éierlechkeet hat, déi hutt Der net an alle Froen. Zum Beispill wat d'Haltung zum Referendum ugeet, wann ech do kucke wat vun öffentlechen Deklaratioune gemaach ginn ass a wéi mer an de Kommissiounen iwwert déi dote Fro mat der Demokratescher Partei diskutéiert hunn, do schénge mer Welten dertëschent ze leien. Dofir sinn ech dankbar, datt déi Kritik an éierlecher Form hei geäussert ginn ass. Mir deelen déi Kritik just net. Mir sinn der Meenung, datt dat heiten eng Reform ass, déi iwwerfälleg ass, datt et eng Reform ass, déi effektiv, wéi de Rapporteur et gesot huet, zu enger Demokratie, awer och zu engem moderne Rechtsstat gehéiert, an datt et eigentlech e fundamentale Punkt och ass vun enger Réforme administrative, ëm déi et immens roueg ginn ass an deene leschte Joren, déi mat groussem Elan ënnert der viregter Regierung ugefaange ginn ass, a wou een an deene leschte Jore wéineg konkret Schrëtt an dësem Haus konnt mat begleeden.

Do ass also munches an der Tëschenzäit am Sand stieche bliwwen, an ech si frou, datt deen heite Punkt net stieche bliwwen ass, an datt mer heimadder eigentlech op där enger Säit eng Hëllefstellung ginn de Verwaltungen, awer besonnesch eng Hëllefstellung ginn deene villen Usagerë vun der Verwaltung, déi oft hëllefslos sinn, déi ohnmächteg si par rapport zu där Flut vu Gesetzer, Reglementer, Circulairen a Verwaltungspraxisen, wou se net duerchgesinn a wou d'Verwaltunge selwer heiansdo net duerchgesinn, a wou et also wichteg ass, datt zu Lëtzebuerg, als eent vun deene leschte Länner an Europa, iwwerhaapt esou eng Stell geschafe gëtt, wou dat do elo méiglech ass.

Dee Médiateur, dee kann een och negativ definéieren. De Médiateur ass keng Superverwaltung, déi iwwert deenen anere Verwaltunge géif stoen. De Médiateur ass keng Geriichtsinstanz, well e keng Entscheedungsgewalt huet. De Médiateur ass och keng nei Institutioun niewent dem Parlament, der Regierung an der Justiz. Hei entsteet keen neie véierte Pouvoir am Stat. De Médiateur ass rattachéiert der Chamber an huet eng Kontrollfunktioun par rapport zu der öffentlecher Verwaltung, de Statsverwaltungen an och de Gemengeverwaltungen auszeféieren.

De Médiateur, dat wëll ech och ervirsträichen, steet net eleng do. De Médiateur ass un der Spëtzt vun enger klenger administrativer Zell. Dat ass och noutwendeg, wann ee wëllt hunn datt déi doten nei Fonctioun och soll gutt fonctionnéieren.

Et ass an eisen Aen och richteg, wat d'Astufung vum Médiateur ugeet, datt deen héich agestuuft gëtt. Dat stäerkt, mengen ech, seng Autoritéit par rapport zu deenen anere Verwaltungen, déi jo gewinnt sinn och an hierarchesche Schemen ze denken.

Richteg ass et och, datt mer versiche mat deem Text Neel mat Käpp ze maachen, doduerch datt och direkt eng Ofännerung vum lafende Statsbudget virgeholl gëtt, wou also an der Rubrik vun der Chamber ënnert dem Statsministère an de Statsbudget eng fest Zomm, déi esouguer net limitativ ass, ageschriwwe gëtt, fir datt schonn an dësem Joer kann ugefaange gi mat der Mise en place vun dem Médiateur a vu sengem Sekretariat.

Et schéngt mer och ganz wichteg ze sinn, wat sech an deenen nächsten dräi Méint deet, well bei esou enger neier Institutioun ass, mengen ech, eng Viraussetzung fir de Succès, fir d'Akzeptanz och vun där Fonctioun, datt personnell a materiell vun Ufank un d'Konditiounen esou gutt sinn, datt déi dote Médiatiounsfonctioun ka voll a ganz vun Ufank u lafen.

Wichteg ass och deen delikate Choix vum Médiateur - dee wäert d'Chamber, huelen ech un, am Oktober maachen -, wou d'Konditioune vu Kompetenz an Onofhängegkeet musse garantéiert bleiwen, fir datt och déi néideg Autoritéit do ass. De Rapporteur huet den Ausdrock vu Charisma gebraucht par rapport zu dem Bierger, deen Antragsteller gëtt, mä par rapport och vun den öffentleche Verwaltungen. E verpatztene Start kéint déi ganz Reform ganz einfach zunichte maachen.

Seng Instrumenter, dat sinn d'Recommandatiounen, d'Publikatioune vun deene Recommandatiounen, awer och den trimestriellen Tëscherapport, respektiv de jährleche Rapport, deen de Médiateur a seng Verwaltung wäert all Joer hei der Chamber maachen, deen natierlech publik ass, an deen, denken ech, an dat ass och net anescht bis elo gewiescht zum Beispill mat de Rapporte vun der Cour des Comptes, wäert an deenen nächste Joren zum feste Bild praktesch gehéiere vun der institutioneller, vun der politescher Diskussioun hei zu Lëtzebuerg. Dat ass och an deenen anere Länner net aneschters an dat, mengen ech, géife mer scho ronn kréien.

Säin Handlungsspillraum, dat ass vläicht wichteg nach eng Kéier ze preziséieren, dat sinn net nëmmen, wéi ee vläicht kënnt mengen, well et eng staatlech Instanz ass, d'staatlech Verwaltungen. Dorënner falen och d'Gemengeverwaltungen, falen d'Gemengesyndikater, falen och d'Etablissements publics drënner, soufern et sech net ëm Actes de commerce handelt. Et ass also e ganz breede Spektrum, deen an de Kompetenzberäich vun dem Médiateur a sengem Service fält.

All Bierger, all Administré kann de Médiateur befaasse mat enger Klo. Hie muss allerdéngs eng Aart „intérêt à agir" opweisen. E muss also en direkte Lien, e perséinleche Lien eigentlech zu där Affär opweisen, déi en ugëtt. Dat gëllt net, wann ech d'Texter richteg ausleeën, fir den Deputéierten, deen niewendrun och kann de Médiateur befaasse mat Problemer, déi an d'Kompetenz vum Médiateur gehéieren, mä wou e selwer net muss an deemselwechte Mooss direkt implizéiert sinn.

Wat interessant ass ze soen, dat ass datt een net däerf direkt de Médiateur saiséieren. De Médiateur däerf eréischt saiséiert gi wann een entweder keng Äntwert kritt huet vun der Verwaltung oder awer wann ee gesäit, dass een net Recht kritt bei der Verwaltung.

Et ass also och ganz kloer esou, dass een net muss virdrun déi ganz Procédure administrative contentieuse duerchlaf hunn ier een däerf de Médiateur saiséieren. Et ass parfaitement méiglech, dass een, wann een en negative Bescheed kritt oder wann een dräi Méint keng Äntwert kritt, dann direkt sech un de Médiateur wennt. Et muss een net zum Beispill fir d'éischt e Recours gracieux gemaach hu bei der zoustänneger Verwaltung, respektiv beim hierarchesche Chef, fir da kënnen zu sengem Recht ze kommen. Et kann een also relativ fréi schonn déi Prozedur beim Médiateur déclenchéieren, an dat ass och gutt esou. Wichteg ass och festzehalen, dass een theoretesch kann also parallell déi Prozeduren do lafe loossen. Mä et wier eigentlech awer logesch, dass ee fir d'éischt géif déi normal administrativ Prozeduren, wéi se an der Procédure administrative non-contentieuse virgesi sinn, duerchlafen an dann eréischt d'Saisine vum Médiateur maachen, well herno no dem Sproch vum Médiateur dann erëm eng Kéier an déi aner Prozedur erakommen, dat schéngt mer relativ komplizéiert ze sinn, och wann et vun den Texter hier eigentlech parfaitement méiglech ass. Mä et gëtt eng gewësse Logik, wou et gutt wär wann een déi kënnt respektéieren.



Wat och interessant ass, dat ass dass an eisem Gesetzestext hei keng ausdrécklech Onvereinbarkeet festgeschriwwen ass vum Befaasse vum Médiateur an dem Befaasse vun de Geriichter mat enger an därselwechter Affär. Et ass also parfaitement méiglech, an dat geet aus dem Rapport vun der Kommissioun ervir. Dat muss ee vläicht hei nach eng Kéier betounen, well et an den Texter selwer vläicht nach interpretatiounsfäeg ass, dass et de Wëllen ass vun dëser Chamber, well dorëms geet et bei deem heite Vote, dass u sech keng Onvereinbarkeet sollt do bestoen, dass et also parfaitement méiglech ass dass een e Choix mécht, entweder de Médiateur oder d'Geriichtsinstanze befaassen, mä dass een awer och d'Méiglechkeet huet béides zum Beispill parallell duerchzezéien. Dat eenzegt wat duerch den Text ausgeschloss ass, dat ass dass selbstverständlech de Médiateur net kann an eng lafend Prozedur intervenéieren. Mä e kann awer d'Affär selwer och als Médiateur a sengem Beräich kucken, ouni doduerch natierlech déi lafend Prozedur ze beaflossen. Dat ass d'Interpretatioun, déi mer als Kommissioun zréckbehalen hunn an déi och am schréftleche Rapport festgehale ginn ass.

Wat awer drasteet, an dat ass kritiséiert ginn am Virfeld, et gëtt eng Logik fir dat hei bäizebehalen. Dat ass, dass d'Délaie viru Geriicht, mä och aner Délaien, zum Beispill wéi den Délai fir de Recours gracieux, net suspendéiert ginn duerch de Fait dass een de Médiateur saiséiert huet. Dat muss een natierlech als Administré ëmmer am Kapp behalen, dass een also riskéiert, wann ee seng Délaië verpasst, wann een duerno nach wëllt eng aner Prozedur maachen. Dofir wier dat Virsichtegst hei effektiv parallell, dat ass, den Délai viru Geriicht ass ënnerbrach an op där anerer Säit kann een awer versichen iwwert de Médiateur eigentlech ouni eng grouss Prozedur dat beschtméiglechst erauszeschloen an zu sengem Recht ze kommen.

An eisen Aen ass et richteg, dass dee Lien, deen am Regierungsprojet war zur Petitiounskommissioun vun der Chamber, getrennt ginn ass. Et ass méi logesch e kloeren Ënnerscheed ze maachen tëschent de Kompetenze vun der Petitiounskommissioun, déi eigentlech fir kollektiv Uleies zoustänneg ass an op där anerer Säit fir individuell Reklamatiounen, déi eigentlech an de Beräich vum Médiateur erakommen. Ech mengen dass et gutt ass, dass mer do versicht hu méi eng kloer Trennung vun deem engen a vun deem aneren ze maachen.

Ech wëll awer och, wéi d'Madame Err, ervirhiewen, dass et flott war an der Kommissioun un deem Projet hei ze schaffen, well ech mengen dass all Institutioun hir Roll konnt duerchspillen a seriö un deen Dossier erugaangen ass. D'Regierung mat hirer Initiativ, d'Deputéierte mat enger Gesetzesinitiativ selwer vun der Madame Err, doniewent awer an der Kommissioun d'Aarbechten, wou mer eng Rei vun Amendementer zréckbehalen hunn, awer och de Conseil d'Etat, deen e ganz flotten an déifgräifenden Avis zu deem heiten Text gemaach huet.

Mir sinn also frou, dass déi heite Reform duerchgezu gëtt an et entsprécht dem Wahlprogramm vun eiser Partei, a wat mer just gären hätten, dat ass dass mer dat wéi bei aneren Texter maachen, wou mer eis e bëssen op Neiland beginn, dass ee vläicht no dräi Joer am Parlament hei e Bilan zitt wéi et déi éischt dräi Joer gelaf ass an dass een duerno da kuckt, wann et noutwendeg ass, déi néideg Adaptatiounen, Erklärungen um Gesetzestext ze maachen. Dat gesot, kann ech nëmme bestätegen, dass eis Partei wäert deen heiten Text stëmmen.

M. le Président.- Den Här Berichterstatter Paul-Henri Meyers freet nach d'Wuert.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mengen, dass et awer noutwendeg wär fir zu e puer Punkten, déi opgeworf si ginn, och meng Meenung ze soen.

Et ass engersäits vun der Madame Err d'Fro opgeworf gi vun der Immunitéit vum Médiateur. Et ass keng Immunitéit virgesinn. Och an anere Länner huet de Médiateur keng Immunitéit. Ech sinn och der Meenung, dass de Médiateur zu Lëtzebuerg d'Immunitéit net hätt kënne kréien ouni eng Ofännerung vun der Verfassung, well bei eis d'Immunitéit, esou wéi se virgesinn ass, an der Verfassung ageschriwwen ass an d'Immunitéit ass am Fong eng Situatioun, déi en dehors du droit commun geet, an do hätt ech Bedenke gehat fir dem Médiateur d'Immunitéit ze ginn am Sënn wéi se an den Artikelen 68 an 69 vun der Verfassung virgesinn ass fir d'Parlementairen.

***(Interruption)***

Ech hunn do Bedenken, wou mer de toute façon, well elo hei en Tëscheruff kënnt, och amgaange sinn déi Immunitéit aneschters ze agencéiere wéi se elo virgesinn ass. Also ech mengen, et wëllt net soen, dass een dat do net ka maachen. D'Fro stellt sech och fir d'Zukunft, esou wéi se sech zum Beispill och am Frankräich stellt oder an anere Länner, ob de Médiateur als eng Institutioun och eventuell seng Plaz an der Verfassung hätt an dass een eng Fro wéi déi do dee Moment verfassungsméisseg misst klären.

Zweete Punkt ass dee vun der Initiative personnelle vum Médiateur. De Gesetzesprojet gesäit ausdrécklech vir, dass de Médiateur mat individuelle Froen a Reklamatioune befaasst gëtt, a mir hunn an der Kommissioun och d'Fro diskutéiert, wann een Deputéierten de Médiateur befaasst, da kann et och nëmmen eng individuell Fro sinn, déi un hien erugedroe gëtt, a mir waren och der Meenung, dass den Deputéierten eigentlech misst den Accord hu vun där Persoun, déi un hien erugetrueden ass a wou hien d'Reklamatioun weider gëtt. Well et kann ee jo net iwwert een anere verfügen. Et wär an eisen Ae keng gutt Situatioun gewiescht, wann ee Situatiounen, déi een aus der Press kennt, un de Médiateur erundréit, wou de Reklamant selwer emol net weess dass de Médiateur befaasst ass. Also, de Reklamant misst op jidde Fall säin Accord ginn, wann de Médiateur mat esou enger Fro befaasst géif ginn, an de toute façon, Dir hutt geschwat vu Situatiounen, déi net an der Rei wieren. De Médiateur ka sech net mat allgemenge Situatioune befaassen. Dat ass hei ausgeschloss. Also hätt en och net op perséinlech Initiativ esou Froe kënnen traitéieren.

D'Fro vun der Petitiounskommissioun, mengen ech, ass scho gekläert ginn an aus dem Avis vum Conseil d'Etat geet jo awer kloer ervir, dass déi zwou Instanzen, Médiateur mat sengen eegenen Aufgaben an dat wat an der Verfassung fir d'Petitiounskommissioun virgesinn ass, zwou verschidde Situatioune sinn, quitte dass, wann een enger anerer Meenung ass, wann een an Zukunft gesäit wéi déi zwou Instanzen évaluéieren, ee gegebenenfalls och d'Verfassung, wat d'Petitiounskommissioun ugeet, eng Kéier misst reforméieren. Déi Situatioun ass awer elo net ginn.

Dann ass et d'Fro vun de parallelle Prozeduren, déi den Här Bodry opgeworf huet. D'Gesetz schléisst net aus, dass ee gläichzäiteg parallell op d'Geriicht ka goen an de Médiateur saiséieren. Dat kann ee gläichzäiteg maachen. De Médiateur däerf sech just net an d'Geriichtsinstanz amëschen. Mä et ass awer näischt wat verhënnert, dass de Médiateur mat der Verwaltung a mam Reklamant schwätzt a probéiert eng Léisung ze fannen, déi et eventuell erlaabt, dass de Reklamant dee Moment seng Affär virum

Geriicht zréckzitt. Wann en iwwert de Médiateur eng Satisfaktioun ka kréien, brauch e säi Prozess gegebenenfalls net weider ze féieren.

Mä et muss een awer och kloer soen, an dat hunn ech jo och am Rapport festgehalen, dass een awer de Reklamant net däerf gleewen doen, wann en de Médiateur saiséiert hätt, da kënnt e spéider nach à tout moment och d'Geriicht saiséieren. Do lafen Délaien an et muss een och de Reklamant op déi Délaien an op d'Gefor vun der Forclusioun vu sengen Délaien opmierksam maachen. Dofir mengen ech kann et net aneschters si wéi dass déi zwou Prozeduren och parallell lafen. An et kënnt jo ganz oft vir, wann och virum Geriicht eng Persoun usicht, eng Verwaltung usicht, dass dann och d'Verwaltung an den Interesséierten a Kontakt bleiwen an eventuell awer eng Léisung zu engem Problem fannen, wou awer d'Geriicht saiséiert ass an déi duerno erlaben, dass ee seng Affär beim Geriicht kann zréckzéien. Also dat kënnt méi wéi eng Kéier vir a mir wësse jo och, dass am Droit administratif och Affären, déi unhängeg sinn, kënne wéinst esou Prozeduren op de Rôle général gesat ginn an dass herno och ka verlaangt ginn, wann eng valabel Solutioun do ass, dass dee Moment d'Affär zréckgezu gëtt. Also ech géif mengen, dass déi zwou Prozedure kënnte parallell lafen.

M. le Président.- D'Wuert huet dann elo den Här Premier a Statsminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn Ursaach um Enn vun dëser Debatt dem honorabelen Här Paul-Henri Meyers merci ze soe fir déi exemplaresch gutt Aarbecht, déi en a senger duebeler Qualitéit als President an als Rapporteur vun der Kommissioun a vun dem Projet hei gemaach huet. Och fir déi inspiréierend Weiderféierung, déi de Projet am Laf vun der parlamentarescher Behandlung kannt huet. Dat war hien an dat waren och déi aner Membere vun der Kommissioun, sou wéi och de Conseil d'Etat, an ech mengen dass dat ee Gesetzesgebungsverfahren ass wat beispillgebend ka si fir aner institutionell Reifungsprozesser, déi mer mateneen ze gestalten hunn.

Ech wëll och nach eng Kéier zoustëmmend drun erënneren, dass d'Madame Lydie Err eng Proposition de loi gemaach huet, wat déi schwéier Tendenze souwuel vum Projet wéi vun der Proposition de loi sech an ähnlech Richtunge beweegt huet. Ech géif och gäre menge Beamten am Haus merci soen, déi ganz gutt op dësem Projet an der Virbereedungsphas a während der parlamentarescher Examensphas matgeschafft hunn.

Déi Reform, déi d'Chamber sech apprêtéiert ze stëmmen, ass eng wichteg Reform. Mat der Schafung vun der Institutioun vum Médiateur kréie mer net ee Riichter bäi, mir kréie keen nationalen Arbiter bäi, mä mir kréien ee Facilitateur tëscht der Verwaltung an der Gesellschaft, deen esouwuel Afloss an der Gesellschaft wäert produzéiere wéi och Afloss an der Verwaltung wäert produzéieren, an zwar esou dass atmosphäresch sech aus senger Aarbecht eigentlech e bessert Gefill am Ëmgang vu Stat a Bierger, vu Stat, Verwaltung a Gesellschaft wäert erginn.

Et si géint dëst Gesetz massiv extern Widderstänn ginn. Dat huet schonn an de 70er Joren dozou gefouert, dass eng eigentlech sech méi bis op den heitegen Dag als Reformkoalitioun identifizéierend Konstellatioun dat Gesetz net iwwert de Wee bruecht huet. Et sinn och intern Widderstänn ginn. Déi zwee gëtt et net méi wann dëst Gesetz gestëmmt ass. Et ass eng gutt Saach fir eist Land.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4832 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 18 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen dann elo of iwwert de virleiende Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi 4832 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Jeannot Belling), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4609 iwwert déi Fräiwëlleg am spuenesche Biergerkrich. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Loes, Di Bartolomeo, Rippinger, Henckes, Garcia an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Alex Bodry.

## 2. 4609 - Proposition de loi relative à la réhabilitation des volontaires de l'Espagne républicaine

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense***

M. Alex Bodry *(LSAP), auteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 1937, 2003: 66 Joer nodeem d'Lëtzebuerger Parlament d'Participatioun um spuenesche Biergerkrich ënnert d'Prisongstrof gestallt huet, soll haut d'Gesetz vum 10. Abrëll 1937 zur Verhënnerung vun der Bedeelegung vun Auslänner um spuenesche Biergerkrich ofgeschaaft ginn. Domadder soll den Asaz fir Fridden a Fräiheet géint Nazismus a Faschismus vun deene fräiwëllege Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger, déi sech vu Lëtzebuerg aus op der Säit vun de republikaneschen Truppen a Spuenien engagéiert hunn, vun der Chamber duerch ee legislativen Akt unerkannt ginn, offiziell a mat enger gewësser Feierlechkeet.

Domadder gëtt och e politesche Schlussstréch gezunn ënnert e jorelaangt, ech géif bal soen e jorzéngtelaangt Hin an Hier ëm d'Aschätzung an d'Unerkennung vun der Resistenzaarbecht vun de republikanesche Spueniekämpfer. Eng Rei vu gesetzleche Barrièren, eng gehéieresch Portioun Mësstraue vun eenzelnen aflossräiche Kreesser an eng gewësse Portioun politesch Lethargie hunn eng méi schnell a méi komplett staatlech Unerkennung bis haut verhënnert. Déi zäitlech enk Definitioun vun der Resistenzaktivitéit an eise Lëtzebuerger Gesetzer, Period 1940-1944, also während der Occupatiounszäit, wéi och d'Feele vun engem offiziellen Titel vun Ancien combattant hei zu Lëtzebuerg hunn aner méiglech an denkbar Unerkennungsformen erschwéiert, jo onméiglech gemaach.

D'Gesetzespropositioun vun den Deputéierte Mars Di Bartolomeo an Alex Bodry vum November 1999, also viru knapp véier Joer, huet versicht dës Rehabilitatioun, dës Erëm-Gutt-Maachung géintiwwer deenen iwwer honnert jonke Fräiheetskämpfer, déi vu Lëtzebuerg aus d'republikanesch Truppen an hirem Krich géint de Generol Franco a seng Truppen ënnerstëtzt hunn. Fir d'Auteure vum Gesetzesvirschlag si si Resistenzler vun der éischter Stonn, Kämpfer géint de mënscheveruechtende Nazismus a Faschismus, Ideologien déi an deenen 30er Joren a 40er Joren Europa an d'Welt an e grausame Krich sollte stierzen. Déi Proposition de loi vun deenen zwee genannte sozialisteschen Deputéierte vun 1999 hat zwee Voleten.

Éischtens d'Ofschafung vum Gesetz vum 10. Abrëll 1937 an zweetens déi gesetzlech Assimilatioun vun de Kämpfer vun de republikaneschen Truppen am spuenesche Biergerkrich mat de Resistenzler vum zweete Weltkrich, wéi se am Gesetz vum 25. Februar 1967 iwwer Krichsaffer definéiert sinn.

Politesch huet deen zweeten Deel vun der Gesetzespropositioun sech als net majoritéitsfäeg erwisen. D'Regierung an och hir Majoritéit waren net bereet esou wäit ze goen. Dat geet och aus de schréftleche Stellungnahme vun der Regierung vum 31. Januar 2003 ervir. An hiren Aen däerf een net den Engagement vun de Spueniekämpfer am Virfeld vum Zweete Weltkrich gläichsetze mat dem Asaz vun der Resistenz hei zu Lëtzebuerg géint d'Besatzungsmacht während dem Zweete Weltkrich. Dës Meenung gëtt gedeelt vun der Majoritéit vun der Kommissioun.

D'Auteurë vun dem Gesetzesvirschlag deelen se net, waren awer esou realistesch anzeschätzen, dass fir de Moment eigentlech et net gëllt op d'Differenzen ze setzen, mä dat Gemeinsaamt an de Vierdergrond ze stellen, an dat ass déi offiziell Unerkennung vun deem Asaz, deen déi Leit an den 30er Jore fir Fridden a Fräiheet gewisen hunn.

D'Auteurë vum Gesetzesvirschlag an d'Regierung ware sech deemno eeneg duerch d'Chamber d'Abrogatioun vum Gesetz vun 1937 virzehuelen. Ech zitéieren: «Le gouvernement entend rétroactivement reconnaître l'action de ceux qui se sont engagés à côté de milliers d'autres femmes et hommes pour le combat pour la liberté et la démocratie.»

En extrae Regierungsprojet ass iwwerflësseg ginn nodeem de sozialistesche Gesetzesvirschlag ëm d'Artikelen 2 an 3 gekierzt ginn ass, dat op Propositioun vun hiren Auteuren hin. Anstatt also an eng komplett nei legislativ Prozedur eranzegoen, war et duerch deen dote politeschen Accord méiglech fir déi legislativ Prozedur zu der Proposition de loi vun den Hären Di Bartolomeo a Bodry zu Enn ze féieren. Haut gëtt duerch d'Parlament e Schlusspunkt ënnert déi legislativ Prozedur gesat. Et ass jo relativ rar, dass Proposition-de-loien, wa se vun der Oppositioun kommen, iwwerhaapt op deen heite Stadium virréckelen.

Den Titel vun deem neie Gesetz, d'Gesetz iwwert d'Rehabilitatioun vun de fräiwëllege Kämpfer an dem republikanesche Spuenien, seet eigentlech dat aus ëm wat et hei geet, kuerz, bündeg, onmëssverständlech.

No de verfügbaren Donnéeën hate sech 1937 102 jonk Männer vu Lëtzebuerg aus an de Spueniekrich beginn op der Säit vun de republikaneschen Truppen. Lëtzebuerger, auslännesch Immigranten, déi hei zu Lëtzebuerg zënter Jore gewunnt hunn, oder och eenzel Flüchtlingen, déi sech deelweis illegal déi Zäit hei zu Lëtzebuerg opgehalen hunn.

D'Majoritéit vun hinnen haten d'Lëtzebuerger Nationalitéit. E Véirel vun hinne waren Italiener. Eng relativ héich Zuel am Verhältnis zu deene grousse Länner stellen déi 102 Leit duer, déi sech an deem Spueniekrich op der Säit vun de Republikaner engagéiert hunn. Et gi keng Beleger doriwwer, dass iergendwéi aner Lëtzebuerger oder Leit, déi hei zu Lëtzebuerg gewunnt hätten, sech op der Säit vun de Franco-Truppen deemools engagéiert hätten.

90% vun deene Fräiwëllege sinn aus der Minettsgéigend komm, haaptsächlech vun Diddeleng a vun Esch. Bis op eng Ausnahm ware si alleguerten Aarbechter. Eng Partie vun hinne ware Member vun der kommunistescher Partei, anerer sinn aus der sozialistescher Aarbechterjugend komm oder ware Member vun de Gewerkschaften. Déi, déi de Biergerkrich iwwerstanen haten, haten eng schwéier Zäit viru sech wéi se zréckkomm sinn. D'Dokumenter vun hirem Engagement waren nämlech den Nazitruppen an der Gestapo an d'Hand gefall, an dat ass net ouni Konsequenze bliwwen.

30 Lëtzebuerger si vun der Gestapo an d'Gefängnis bruecht ginn. Eng Partie vun hinne sinn am Konzentratiounslager gelant. 12 Italiener sinn iwwert d'Grenz geschubbt ginn, no Italien, wou d'Gefängnis oder den Déngscht an der faschistescher Arméi op si gewaart huet. Haut ginn et nach zwee Iwwerliewender vun de Lëtzebuerger Spueniekämpfer: d'Hären Albert Santer an Henri Joachim.

En drëtte Matstreider vun der éischter Stonn, den Här Carlo Alvisi, huet eis leider virun zwee Joer verlooss. Ervirhiewe wëll ech awer bei dëser Geleeënheet och en anere Mann, de Paul Cerf, dee Grënnungsmember war an éischte President vun de Frënn vun den internationale Brigaden. Hien huet sech zënter 1996 fir déi politesch Unerkennung vun deem Asaz vun de Spueniekämpfer agesat. Och him war et leider net gegönnt Zeie vum, an eisen Aen, positiven Ofschloss vu sengen an anere Leit hire Beméiungen ze ginn.

Als Rapporteur wëll ech net am Detail op eng Rei méi kontrovers Sujeten agoen, déi d'Gesetzesinitiativ Bodry/Di Bartolomeo zu Dag bruecht huet. Et huet mech iwwerrascht, dass méi wéi 50 Joer no Krichsenn déi dote Froen ëm d'Resistenz nach déi passionéiert Diskussiounen ausléise kënnen. Och esou laang nom Krich bleift d'Fro vun der Definitioun vun der Resistenz nach ëmmer ëmstridden.

Ech perséinlech mengen, dass et och eng ideologesch Resistenz gëtt, an dass déi ideologesch Resistenz och scho virun dem 10. Mee 1940 ufänkt. Eis Gesetzgebung geet net esou wäit.

Grad esou kontrovers ass d'Fro vun der Richtegkeet vun der sou genannter Net-Interventiounspolitik am Spueniekrich, déi déi deemoleg Lëtzebuerger Regierung, grad wéi Frankräich, Däitschland, England an d'Belsch, iwwerholl hat. Deemools haten zwee onofhängeg Deputéierten an d'sozialistesch Oppositioun géint dat Spueniegesetz vun 1937 gestëmmt. D'geschichtlech Entwécklung huet hinnen eigentlech Recht ginn, mä ech gestinn awer och gären an, dass et ëmmer delikat ass Décisioune vu gëschter mat den Aen a mat dem Wëssen vun haut ze bëuerteelen.

Wat déi juristesch Froen ugeet, wat d'Effete vun der Abrogatioun vun deem Gesetz duerstellt, esou verweisen ech op de schréftleche Rapport vun der Kommissioun.

Fir mech perséinlech bleift d'Satisfactioun, eng parlamentaresch Gesetzesinitiativ bis zur Ofstëmmung bruecht ze hunn. Eppes Seelenes hei zu Lëtzebuerg. No der Unerkennung vun deem Asaz vun de Spueniekämpfer duerch d'Iwwerreechung vun den nationalen Uerden am Joer 2000, déi de Premier Minister virgeholl huet, gi mer haut also e Schratt weider mat deem héich symboleschen Akt vun der Ofschafung vun engem aus heiteger Siicht falschem Gesetz vun 1937. Ech hoffen, an dat wäre mer deene Leit schëlleg, deenen zwee, déi iwwreg bliwwe sinn, awer och deenen honnert aneren, dass déi Entscheedung haut kann an der Chamber eestëmmeg falen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Nico Loes *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den englesche Schréftsteller an Historiker Philip Knightley schreift a sengem Wierk „The first casualty" 1965 iwwert de spuenesche Biergerkrich Folgendes: „Kein anderer Krieg in vergangenen Zeiten mit Ausnahme des Vietnamkrieges erregte so intensive Emotionen, solch tiefe Festlegung, derart gewaltsame Teilnahme wie der Bürgerkrieg in Spanien." Ech denke jiddfereen, dee sech an dëser tragescher Säit vun der europäescher Geschicht auskennt, kann dës Ausso virbehaltlos ënnerschreiwen.

Am spuenesche Biergerkrich stunge sech 1934 bis 1939 Rechtskräften, ënnert der Féierung vum Franco, a Republikaner géigeniwwer. 1931 gouf a Spuenien d'Republik ausgeruff, déi eng ganz Rei vu Reformen agelaut huet: d'Trennung vu Kierch a Stat, d'Bildungs- an Agrarreform an esou weider. Déi legal a gewielte Regierung war domadder an d'Zwéckmille geroden tëschent lénke Kräften, déi nach méi Reforme wollten, a Rechtskräften, déi sech géint all Reform positionéiert hunn. Schonn am Joer 1934 sinn déi éischt militäresch Konfrontatiounen ugaangen, déi den Ufank vun dem faschisteschen Italien a vun Nazi-Däitschland och mat ënnerstëtzt hunn.

Ech denken, datt hei am Haus fir jiddereen den Ugréff op Guernica e Begréff vun der Sënnlosegkeet vum Krich ass. Op där anerer Säit huet déi fréier Sowjetunioun déi republikanesch Säit, an do virun allem déi kommunistesch Partei, militäresch ënnerstëtzt.

Déi sowjetesch Féierung huet am Laf vum Krich en ëmmer méi groussen Afloss kritt, wat schliesslech zu offenen a militäreschen Ausernanersetzunge gefouert huet, wou sech Anarchisten, Trotzkisten a Kommunisten op der Säit vun de Republikaner engagéiert haten. Deemools sinn e puer dausend Fräiwëlleger aus ganz Europa, dorënner och 102 aus Lëtzebuerg, a Spuenien zesumme

komm fir op der Säit vun den internationale Brigadë fir d'Republik ze kämpfen.

An dësem Krich vun den Iddien haten déi republikanesch Kräfte leschten Enns keng Chance, well déi militäresch Iwwermuecht vun den Nationalisten erdréckend war. 1939 war de Krich eriwwer an iwwreg blouf en zerstéiert Spuenien. 100.000 Republikaner sinn an den Exil gaangen, fir sech der Vergeltung vum Franco senge Schergen ze entzéien. De Generol ass bis 1975 un der Muecht bliwwen an huet eng Diktatur ënnerhale mat engem Repressiounsapparat, deen de sozialistesche Volleksrepubliken am fréieren Ostblock un näischt no stoung.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mir versiche mat dësem Gesetzesvirschlag d'Engagement vun de Lëtzebuerger Spueniekämpfer op eng adequat Manéier ze honoréieren. Dofir muss d'Gesetz vum 10. Abrëll 1937 haut a säin nationalen an internationale Kontext vun der Zäit vun de Virkrichsjore gesat ginn. Lëtzebuerg war an där Zäit en neutrale Stat, deen drëm beméit war fir dëst och ze behalen. Aus dëse Grënn gouf dat Gesetz iwwert de Verbuet vun der Bedeelegung vu Lëtzebuerger Awunner, ob Lëtzebuerger oder net, am spuenesche Biergerkrich an d'Liewe geruff. Ähnlech Gesetzer sinn an där Zäit och an aneren europäesche Länner geschafe ginn.

Duerch déi däitsch Besetzung ass eis neutral Positioun a sinn eis Beweggrënn, déi zum Gesetz vum 10. Abrëll 1937 gefouert haten, am Kontext vun den Evénementer aus dem Weltkrich hifälleg ginn. Haut erschéngt, historesch gesinn, de spuenesche Biergerkrich an engem anere Liicht. De spuenesche Biergerkrich erschéngt haut als een ultimative Kampf fir d'Fräiheet a fir d'Wäerter, déi mir aus de Grondrechter vun de Vereenten Natiounen hier kennen. Déi fräiwëlleg Kämpfer am spuenesche Biergerkrich hunn, duerch hire Kampf fir d'Fräiheet, Courage a Wäitsiicht un den Dag geluecht an d'Gefore vum Faschismus scho virum Ausbroch vum Zweete Weltkrich erkannt, an engem Moment wou sech der nach ganz vill an Europa eppes virgemaach hunn.

Dëst Engagement honoréiere mir haut op eng wierdeg Aart a Weis. D'Gesetzespropositioun vun de Kolleegen Alex Bodry a Mars Di Bartolomeo abrogéiert d'Gesetz vum 10. Abrëll 1937. Et ass dëst ee symbolesche mä aussokräftegen Akt duerch deen de Fräiheetskampf, deen d'Fräiheetskämpfer ouni Rücksicht op déi deemoleg Législatioun gefouert hunn, unerkannt gëtt. Aus dëse Grënn stëmmt d'CSV-Fraktioun dësem Gesetz zou.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer vläicht fir unzefänke meng Satisfactioun auszedrécken, dass mer haut, no 7 Joer, bal um Enn vun engem Wee ukomm sinn, dee mer parteieniwwergräifend gaange sinn, a wou eng ganz Rei vu Leit zu hiren Iwwerzeegunge stongen iwwert d'Parteigrenzen eraus, an dat ass eppes wat engem als Deputéierten heiansdo ka Satisfactioun ginn, wou dann Diskussioune gefouert ginn, déi iwwert deen traditionelle Parteiesträit erausginn a wou een eppes ka gutt maachen, wat laang am Raum stong a wat laang drop gewaart huet fir gutt kënne gemaach ze ginn.

Wa mer haut mat dësem Gesetzesvirschlag d'Gesetz vun 1937 ofschafen, dat de Lëtzebuerger Awunner eng Bedeelegung um Spueniekrich verbueden huet, da rehabilitéiere mer 102 Lëtzebuerger Spueniekämpfer. Mir ginn hinne mat iwwer 60 Joer Verspéidung eng moralesch Unerkennung an dee Respekt, dee se verdingen. Fir déi meescht vun hinne kënnt déi Unerkennung posthum. Zwee hunn nach d'Chance oder d'Gléck fir kënnen ze erliewen, dass si als dat ageschat ginn, wat se wierklech waren: Resistenzler vun der éischter Stonn.

Un deem symbolesche Geste, deen awer héich politesch ass, ware vill Leit bedeelegt. Déi traditionell parteipolitesch Grenze goufen hei iwwerschratt an dofir wëll ech alle Bedeelegte merci soe fir hiren oppene Geescht, fir hir Ouverture d'esprit.

D'Zil vun der Proposition de loi war et dat Gesetz vun 1937, dat d'Spueniekämpfer zu Delinquente gemaach huet, ofzeschafen, se ze rehabilitéieren an hinnen d'Unerkennung als Resistenzler vun der éischter Stonn ze sécheren, moralesch a materiell. Haut komme mer deem Zil e gutt Stéck méi no a sécheren de Spueniekämpfer d'Rehabilitatioun an déi moralesch Unerkennung. Déi materiell Gläichstellung mat der Resistenz bleift hinne versot.

Den Alex Bodry huet am Detail de Wee vun der Proposition de loi opgezeechent, dee mat enger Rei vun Obstaclë verbonne war, déi awer schlussendlech konnten iwerwonne ginn. Gär wäre mer e Schratt méi wäit gaangen, mä de Präis fir pur et dur ze bleiwe wär dat Schicksal gewiescht, wat deene meeschte Propositions de loi net erspuert bleift. Dat heescht am Kloertext de Präis wär gewiescht, dass mer näischt oder net esou séier eppes gemaach hätten.

Mir sollen awer dee Schrëtt vun haut net minimiséieren, well och wann dat heitegt Spuenien alle Spueniëkämpfer, gläich welcher Nationalitéit, als Merci fir den Asaz fir d'Demokratie déi spuenesch Nationalitéit ugebueden huet, och wa Frankräich hinnen de Statut vum Ancien combattant ginn huet, ass Lëtzebuerg dach, menges Wëssens no, dat eenzegt Land wat dat 1937er Gesetz haut ofschaaft. Menges Wëssens no hunn eis Nopeschlänner an England dat bis elo net gemaach, an dat ass e Geste, deen en héich politesche Charakter huet.

Wéi ass et elo, 67 Joer nom Spueniekrich, dee kee Biergerkrich war, mä e Verteidegungskrich vun enger legitimer demokratescher Regierung géint faschistesch Putschisten an hir Nazifrënn, zu där heiteger Diskussioun komm?

1996, an et freet mech fir dat kënnen ze erënneren, ass d'Initiativ ausgaangen opgrond vun enger Konferenz, déi vum Centre de documentation sur les migrations humaines mam Serge Hoffmann a mam Henri Wehenkel organiséiert gi war, a wou et ëm dat Lëtzebuerger Engagement am Spueniekrich gaangen ass. Deemools hu mer de Wee vun deene Migrante vun 1936 opgezeechent. Et war eng ganz interessant Konferenz, wou och déi dräi nach liewend Spueniekämpfer do waren. Zum Schluss vun der Konferenz ass dann ee vun hinnen, den Albert Santer, opgestanen an huet eis entgéint geworf: „Et ass jo schéin a gutt, dass Dir haut Konferenzen haalt, mä firwat hutt Der eis vergiess?“ An ech muss soen, dat wär e Saz dee souz, well mer eis alleguer Froe gestallt hunn, firwat dass dat Kapitel, nodeem et an de 60er oder an de 70er Joren eng Kéier thematiséiert gi war, erëm am Tirang verschwonne war. Et hu sech spontan eng Rei vu Leit ëm de Paul Cerf, de Serge Hoffmann, den Henri Wehenkel an och Vertrieder vun der Diddelenger Gemeng, d'Wuert ginn, fir an den Amis des Brigades internationales sech fir d'Rehabilitatioun vun de Spueniekämpfer anzesetzen.

Déi puer Kolleege si ganz schnell vun anere Leit - an ech hunn dat virdru gesot - vun deene meeschte politesche Borden, déi hei an der Chamber representéiert sinn, ageholl ginn an hu gehollef kritt. Iwwer sämtlech Bänken ass gesot ginn, dass d'Rehabilitatioun eng Saach wär, déi misst realiséiert ginn, an d'Frënn vun de Brigadisten hunn an deene Joren duerno eng Rei vun Initiative geholl iwwer Konferenzen, iwwert d'Opstelle vun engem Monument ënnert dem Motto „No pasaran“, Monument dat gestëft gouf vun dem onvergiessleche Lucien Wercollier, hunn eng ganz Rei vu Sensibiliséierungsaarbecht gemaach an hunn ëmmer erëm op d'Schëller geklappt kritt a gesot kritt, Dir hutt Recht, mir mussen eppes maachen, mä am Rumm vun der bestoender Gesetzgebung.

Wat esouvill geheescht huet wéi dass mer ausser enger moralescher Unerkennung an de Klapps op d'Schëller net vill konnte maachen. Et huet gedauert bis d'virlescht Joer bis dass no Ofsprooch an der viregter Regierung de Statsminister, dee schonn 1997 d'Spueniekämpfer als Weebereeder vun der spéiderer Resistenz bezeechent huet, dass déi iwwerliewend Spueniekämpfer mat enger héijer Dekoratioun, dem Ordre du Mérite, dekoréiert gi sinn an implizit hinne bescheinegt ginn ass, dass se eppes Grousses geleescht hunn, well wa se näischt Besonnesches geleescht hätten, da wäre se 66 Joer duerno net mam Ordre du Mérite dekoréiert ginn.

Haut huele mer dee leschte Makel vum Engagement vun deene Fräiwëllegen aus dem Spueniekrich ewech. Mir maache se vun Deliquenten, déi se nach ëmmer waren, zu respektéierte Leit, virun deene mer eis vernäipen. Esou wäit se net méi liewen an esou wäit se deen heite Schrëtt net méi erliewen, an deene mer, esou fern datt se nach bei eis sinn, eisen déiwe Respekt ausdrécken.

Et ass ass awer méi wéi d'Unerkennung fir den Engagement am Spueniekrich. Et ass och e Geste a Richtung Demokratie, Fräiheet an et ass eng kloer Ofso a Richtung Faschismus an de Frënn vum Faschismus an all Zorte vun Diktaturen.

Ech wëll ofschléisse mat engem éierleche Merci un alleguer déi Kolleegen, déi sech vu Parteigrenzen net aschnüre gelooss hunn an déi hei e gerechte Schrëtt matgemaach hunn, och wann dat 66 Joer zréckläit.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gi Momenter an der Geschicht vun der Mënschheet, gudder a schlechter, déi een ni vergiessen däerf. De Mënsch ass awer esou gemaach, dass en d'Tendenz huet sech éischter un dat Gutt ze erënnere wéi un dat Schlecht. Et ass an deem Wëssen ëm dat Schlecht an an der Zouversiicht ëm dat Gutt wat komme kann, wou de Robert Schuman virun elo 53 Joer seng Deklaratioun gemaach huet an de Grondsteen fir d'Versöhnung an d'Réunificatioun vun den europäesche Völker geluecht huet. Mir wëssen alleguerte vu wat fir engem Leed Europa am leschte Jorhonnert heemgesicht ginn as, engem Leed, dat säin Urspronk fonnt huet an dem Leed vun engem grausamen Éischte Weltkrich, op deem de Faschismus an Däitschland, Italien a Spunien säin Nährbuedem fonnt huet.

Mir erënneren eis haut un déi, déi virun dem Ausbroch vum Zweete Weltkrich schonn de Faschismus bekämpft hunn. Haut récke mer den Asaz fir d'Fräiheet an d'Demokratie vun de Spueniekämpfer an dat richtegt Liicht. D'Spueniekämpfer ware sou ze soen déi éischt Kämpfer géint de Faschismus. Well d'Regierung deemools d'Lëtzebuerger Neutralitéit garantéiere wollt, huet se d'Gesetz vum 10. Abrëll 1937 geschafen, dat et de Lëtzebuerger verbueden huet d'Land a Richtung Spunien ze verloossen an nach méi fir do am Biergerkrich matzemëschen.

Mat dëser Proposition de loi a mat dem Accord vun der Regierung gëtt also 66 Joer méi spéit dat Gesetz vun 1937 abrogéiert. Mir sinn nämlech der Meenung, dass d'Spueniekämpfer deemools net e Gesetz violéiert hunn. Hire Courage an hir Iwwerzeegung fir géint de Faschismus ze kämpfe verdéngen eisen déiwe Respekt. Eis Aufgab ass et, an enger Welt wou xénophobe, rassistesch a rietsextrem Gedankegut nach ëmmer existéiert, dofir ze suergen, dass mer eis erënneren an deene gedenken, déi dergéint gekämpft hunn, fir dass dat, wat esou vill Leed iwwer Millioune vu Leit bruecht huet, keng Chance méi huet opzekommen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi 1936 de Franco via d'Kanaresch Inselen a Südspuenien agedrongen ass mat sengen Truppen, ass et ganz kloer ginn datt déi franquistesch Truppe wollten de Pouvoir a Spuenien iwerhuele géint en demokratesch gewielte Regime, an dat mat Appui vun den däitschen an italieneschen Truppen.

Et ass och dofir verständlech gewiescht, dass alleguerten déi Antifaschisten, déi et an Europa gi sinn, déi d'Gefor gesinn hunn, wollte sech deem widdersetzen, datt e gudden Deel vun hinnen dunn d'Décisioun geholl huet fir sech op d'Säite vun de Republikaner géint de Faschismus anzesetzen. Dat ass hinnen net gelongen, mä et sinn awer ganz vill heroesch Akte während där Zäit geschitt.

Haut hu mer d'Geleeënheet fir en Onrecht wat geschitt ass guttzemaachen. Dat Gesetz vun 1937 war vläicht an dem Zäitgeescht ze erklären, wou versicht ginn ass mat Däitschland an Italien nach munches ronn ze bréngen, mä et ass awer och kloer, datt hei déi éischt Antifaschisten herno an d'Illegalitéit gedriwwe gi sinn an et ass elo Zäit fir dat Onrecht, dat hinnen do zoukomm ass, guttzemaachen an hiren Asaz fir d'Demokratie a géint de Faschismus guttzeheeschen.

Dofir kënne mir och als ADR mat der Proposition de loi vum Här Bodry d'accord sinn.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schléissen hei no 66 Joer ee vun deene penibelste Kapitele vun der schwaarzer Geschicht vu Lëtzebuerg zou, an ech wëll zu deenen Analysen, déi meng Virriedner gemaach hunn, näischt bäifügen. Mir hätten natierlech ähnlech wéi d'Auteure vun der Proposition de loi et léiwer gesinn, wann een hätt kënnen e Schrëtt méi wäit goen, mä wéi gesot, dass dat zu Lëtzebuerg och no 66 Joer net méiglech ass, hu mer jo héieren.

1937, den 8. Abrëll, ass net nëmmen e Gesetz gemaach gi wat verbueden huet fir am Ausland géint de Faschismus ze kämpfen, et ass parallell dozou och e Gesetz abruecht gi wat dat sou genannte Maulkuerfgesetz war, wat och dozou hätt sollen dénge fir d'Aktivitéite vun enger legaler, vun enger demokratescher Partei hei zu Lëtzebuerg ze verbidden, a fir een aus där nofolgender Generatioun ass et vläicht interessant fir dat historesch ze analyséieren, mä et wier vläicht nach méi interessant fir sech d'Fro ze stellen, ob dat elo just en historeschen Zoufall war, oder ob dat en Accident vun der Geschicht war, déi Tatsaach, dass ënnert dem Drock vun der däitscher Bedrohung eng Pseudo-Neutralitéit ageholl ginn ass, déi verhënnert huet dass konnte Lëtzebuerger, oder Leit déi zu Lëtzebuerg gewunnt hunn, a Spuenien géint de Fachismus kämpfen, oder ob et an der Folleg vun der Geschicht nach aner Beispiller gi sinn, déi awer trotzdeem do op eng gewësse Kontinuitéit hindeiten.

Ech wëll vläicht kuerz trotzdeem nach eng Kéier déi Aktioune vun deene Resistenzler am spuenesche Biergerkrich würdege mat engem Zitat aus dem excellente Buch vum Henri Wehenkel, „D'Spueniekämpfer“, dat an dem Centre de migration erauskomm ass. Den Henri Wehenkel seet ganz richteg, an dat ass scho vun de Virriedner gesot ginn, dass d'Gesetz och ënnert dem Drock vun der däitscher Bedrohung stattfonnt huet an ech zitéieren: „C'était comme si le bruit des bottes qui avaient occupé la Rhénanie et la Sarre raisonnaient dans l'hémicycle“, den Hémicycle vun der Chamber, wou esouguer verbuede ginn ass vun dem Parlamentspresident deemools, dass d'sozialistesch Oppositioun hätt kënnen Däitschland attackéieren. De President huet gesot, hie géif dann dee Moment d'Sitzung opléisen. „Démocratie honteuse, démocratie mise en veilleuse, démocratie qui n'osait plus à appeler les choses par leur nom, mais prête quand même à jeter en prison ceux de ses enfants qui avaient décidé à leurs risques et périls de ne plus jouer à ce jeu de dupe et de faire face.“

Dat Zitat vum Henri Wehenkel seet genuch aus iwwert déi historesch Dimensioun vun deenen Debatten deemools an der Chamber.

Weider interessant Zitater fanne sech an der Etüd vum Henri Wehenkel, wou en d'Press zu Lëtzebuerg zitéiert, virun allem d'Lëtzebuerger Wort, mä och aner Zeitungen. Do geet da Rieds, dass geschwat ginn ass vun der Bolchévisatioun vu Frankräich.“Il faut se souvenir qu'il y a quatre ans“, - also 1933 - „l'Allemagne trouva un remède contre le même sort“, - wou also indirekt de Faschismus vun der rietser Press hei zu Lëtzebuerg légitimiéiert ginn ass. Et gëtt geschwat vun „welch Teufel in Menschengestalt“, vu Leit, déi a Spuenien aktiv waren, a weider Zitater, ech ka se net alleguerten hei opféieren. Mä et waren net nëmmen d'Press vun der Droite, mä och d'Press déi dem Grousskapital nosteet, déi ähnlech Proposë gehalen huet. Vergiesse mer net, dass de Faschismus en Deel vu sengem Erfolleg an den 30er Joren och dem internationale Grousskapital ze verdanken huet, net nëmmen deem Däitschen, mä och dem Amerikaneschen, dem Engleschen, a während am Ausland et jo och schonn Etüde ginn iwwert de Rôle vu Bayer, vu Krupp a vun anere Konzerner an der Montée vum Faschismus, sinn d'Archive vun der ARBED hei zu Lëtzebuerg nach relativ zou bliwwen, och wa verschidde Chercheuren a Chercheusen do schonn éischt Aarbechte geleescht hunn.

Ech zitéieren hei och aus dem Buch vum Henri Wehenkel aus der Luxemburger Zeitung, déi der ARBED an de liberale Kreesser nostoung: «Qui pourrait encore, après les événements sanglants d'Espagne - dat war also 1937 am Ufank vum Biergerkrich -, après les

occupations d'usines de caractère révolutionnaire en France, après toutes sortes de signes menaçants dans d'autres pays, qui se jouent tout près de nos frontières, nier que le danger nous vient en premier lieu du communisme.»

Dat war also e relativ schwaarze Fuedem deen duerch d'Gedanke gaangen ass, wou engersäits gesot ginn ass, ok mir hunn d'Cholera, dat ass de Faschismus, mir hunn awer och d'Pescht, an dat ass de Kommunismus, a well mer wëllen d'Pescht bekämpfen, ënnerstëtze mer kuerzfristeg och nach d'Cholera. Dass déi Rechnung net opgaangen ass, dat ass scho gesot ginn, huet d'Geschicht gewisen.

Wéi gesot, ech wollt als méi Jonken erausfannen: Gëtt et eng Kontinuitéit an där Taktik fir demokratesch Regimer ze stierzen oder stierzen ze loossen, ënnert dem Virwand, wa se géife weider bestoen, da géif et nach méi schlëmm ginn? An dann denken ech natierlech un dat Ereignis wat mech am meeschte politesch influenzéiert huet, nämlech den 11. September, allerdéngs net den 11. September 2001, mä den 11. September 1973, well do hate mer genau déiselwecht Situatioun wéi 1936, do gouf et eng demokratesch gewielte Regierung, wou nach natierlech an där Demokratie et relativ vill Bouillonnementer gi sinn, a wéi 1973 de Pinochet geputscht huet, hunn déi meescht Länner och eng relativ neutral Attitüd ageholl. De Pinochet ass net aus der UNO verdammt ginn, just Italien a Frankräich hunn energesch Mesurë geholl. Lëtzebuerg war ëmmerhin esou generéis ganz vill Flüchtlingen ze accueilléieren, mä et ass awer och näischt Entscheedendes geschitt, fir de Faschismus a Chile a senge Wuerzelen ze bekämpfen.

Ech ka mech och erënneren, dass verschidde Politiker gesot hunn, wéi de Franz Joseph Strauß, dass et eben do net géif zougoe wéi an engem Nonneklouschter, an en Hinterbänkler, wou ech den Numm net méi weess, huet gesot, dass et am Stadion zu Chile bei guddem Wieder och nach gutt auszehale wär. Ech mengen dass et eng gewësse Kontinuitéit gëtt vun deenen Ereignisser vun 1936, 1973, an et kënnt een natierlech weider Beispiller nennen. Déi fënnt een iwwregens an deem excellenten Avis vun der Chambre du Travail iwwert d'Terrorismusgesetz, déi zitéiere mengen ech, wann ech mech richteg erënneren, de Stuerz vum Mossadek am Iran duerch d'Geheimdéngschter, de Stuerz vum Sukarno an Indonesien, de Stuerz vum President Arbenz am Guatemala 1954, an et däerf een och net vergiessen, dass de Pinochet jo och net gestierzt ginn ass direkt vun engem faschistesche Generol, en ass gestierzt ginn eigentlech vun dem Friddensnobelpräisträger Kissinger, deen zesumme mam CIA dee Regime zum Fall bruecht huet. Déi neisten Etüde beweisen dat jo ganz eendeiteg, esou dass een net soll esou maache wéi wann déi geschichtlech Evénementer vun 1936 just en Accident vun der Geschicht wären.

Bon, ech wëll net weider an aner Gefilden do ofschweifen, mä ech wëll vläicht dräi Konklusiounen zéien aus där Situatioun vun dem spuenesche Biergerkrich. Ech denken, dass et zwar wichteg ass, dass no 66 Joer hei d'Mentalitéit sech och zu Lëtzebuerg an där Hinsicht geännert huet, dass mer déi Séquellen, déi trotzdeem bis 1960 gedauert hu vun deem Gesetz, endlech hannerun eis bruecht hunn. Et däerf een awer och net vergiessen, dass déiselwecht Leit, déi 1937 wesentlech bedeelegt ware fir dat Gesetz eranzebréngen, awer och no dem Zweete Weltkrich net onbedéngt bäigeléiert haten. E gudde Frënd vu mir, en ass virun zwee Méint gestuerwen, war ee vun deene leschte Lëtzebuerger, déi an de spuenesche Biergerkrich gaange sinn 1938, dat war de Gordian Troeller, ee vun de bedeitendste Journalisten a Fernsehleit vum leschte Jorhonnert, an deen huet mer Geschichte verzielt, déi sinn haarsträubend. Hien ass jo aus dem Biergerkrich zréckkomm, si konnten en net méi erausgeheien, well e jo Lëtzebuerger war. Hien huet eng Filière an der Resistenz opgebaut, wou hien zu Lissabon souz, de Gaumond zu Madrid, an de Koch-Kent zu London. Nom Krich hu se eng Wochenzeitung gegrënnt, L'Indépendant. Si si boykottéiert ginn an hirem Lokal op der Place d'Armes mat Palissaden, si si schikanéiert gi bis bekannt ginn ass - ech schwätzen net vum Gaumond-Prozess, dat géif ze wäit féieren -, de Gordian Troeller op alle Fall huet iergendwann eng Kéier 1946 oder 1947 d'Handduch geworf an ass an d'Ausland gaangen an esouguer nach no 50 Joer huet en nach ëmmer déiselwecht Konklusioune gezunn, dass verschidde Leit och nom Krich, nodeem se jo selwer hu missen ënnert dem Faschismus leiden, net déi Léiere gezunn haten an deene selwechte Feeler verfall sinn, mat enger Oppositioun, déi jo deemools net méi kommunistesch war, mä déi éischter an engem méi lénks libertäre Milieu ugesiedelt war.

Ech wëll en zweete Punkt och opweerfen, fir d'Léieren aus dem spuenesche Biergerkrich däitlech ze maachen. De Bertolt Brecht sot eng Kéier, ech weess d'Zitat net méi ganz genau, si hätte wëlle frëndlech sinn, awer konnten net frëndlech ënnertenee sinn. Et gesäit ee ganz däitlech, dass se och am spuenesche Biergerkrich d'Kontradiktiounen tëschent deene Leit, déi eigentlech datselwecht wollten, awer mat anere Methoden, ganz däitlech zu Dag komm sinn. Ech ka mech erënneren, ech hat eng Kéier eng Konferenz organiséiert mat engem kommunistesche Resistenzler aus dem spuenesche Biergerkrich, ech menge Fritz Teppich huet e geheescht, en ass mat 80 Joer op Diddeleng komm an dat war ganz interessant, mä ech muss awer soen dass dee Mann mat sengen 80 Joer méi hefteg géint de Ken Loach a säi Film «Land and Freedom» a géint d'Sozialisten a géint d'Anarchisten hiergezunn ass wéi géint d'Faschisten. An dat war jo ee vun den Haaptproblemer och vum spuenesche Biergerkrich, dass ganz oft déi Leit, déi géint de Faschismus gekämpft hunn, sech nach méi staark ënnertenee bekämpft hunn, wéi de Faschismus selwer. Dat huet jo och een Deel zu hirem Echec bäigedroen. Dat ass vläicht eng Randbemierkung, déi ech do trotzdeem nach wollt zéien.

Eng lescht Bemierkung, déi ech awer och ganz wichteg fannen, besonnesch am Hibléck op enger gewëssener Remontée vum Neofaschismus hei an Europa: Et misst ee bal soen datt Däitschland dat eenzegt Land war wat huet misse seng faschistech Vergaangenheet grondleeënd opschaffen. Well hir Resistenz, déi war jo wierklech ganz beschränkt op e puer konservativ Milieuë vun Offizéier oder vun de Geschwister Scholl an esou weider a si hate keng grouss Resistenz, déi konnt eigentlech hir Kollaboratioun an aner Defiziter an hirem Kampf géint de Faschismus verdecken. Wann an Holland och erëm e Buch erschéngt, wat och emol e Liicht op d'Kollaboratioun vun Hollänner mat de Preisen, pardon, mat den Däitsche werft, da kënnt dat zu enger gréisserer Diskussioun an et gëtt mat Erstaune festgestallt: Oh, et goufen an eisem Land och Leit déi net grad esou edel ware wéi d'Resistenz. An Italien ass et datselwecht. Do gouf et eng immens staark Resistenz. Et huet dozou gefouert, dass déi staark Kollaboratioun - et war jo keng Kollaboratioun, well et gouf jo e faschistesche Regime an Italien - ëmmer ënnert den Teppech gekéiert ginn ass, wat och dozou féiert, dass et haut nach an Italien kënne Leit ginn, déi mat kloeren neofaschistesche Parole kënnen an eng Regierung kommen, quitte dass se sech dann e bësse méi e seriöe Mäntelche ginn.

Hei zu Lëtzebuerg hu mer dee Problem net an deem Mooss, mä et muss een awer och soen, dass, wann en Historiker wéi de Lucien Blau e Buch iwwert den Antisemitismus zu Lëtzebuerg publizéiert, da kommen och Wellen héich. Ech ka mech erënneren, an dësem héijen Haus huet mäi Kolleeg Jean Geisbusch deemools eng Ried gehalen zum 50. Anniversaire vum Streik, do huet en och e puer onbequem Saache gesot, dass och an der Resistenz Tendenze waren, déi net ganz koscher waren, an do hunn och op eemol Leit an der Lëtzebuerger Press an och an anere Milieuen e groussen Aufschrei gemaach, wat weist, dass awer och nach hei nees, no iwwer 50 Joer, e gewëssene Besoin zu enger sereiner Diskussioun besteet.

E lescht Wuert, awer dann natierlech zu Spuenien, well do fannen ech et eigentlech am gravéirendsten. Déi hu jo kee Weltkrich opzeschaffen, well dee war schonn dunn eriwwer, mä hire Biergerkrich, deen hu se jo grandios verdrängt. Ech hat, wéi gesot, och virun e puer Joer, virun zwee Joer, eng Liesung organiséiert mat engem Auteur, deen huet Javier Cercas geheescht, dee war am Joer 2000 de Bestseller a Spuenien, well en e Buch geschriwwen huet aus der Siicht vun engem Faschist deen net erschoss ginn ass vun de Brigadisten, well déi Matleed mat em haten. An dat Buch ass zu engem Bestseller ginn, an dunn op eemol huet d'spuenesch Gesellschaft sech och domadder beschäftegt, dass et eben innerhalb vun der Gesellschaft immens Rësser gouf an dass déi herno an där 50-jähreger Geschicht vum Franco-Regime an duerno an där komescher Transisitiounsphas einfach ënnert den Teppech gekiert ginn ass. An den éischte Saz deen de Mann hei sot, wéi en zu Lëtzebuerg war, dat ass dass en eigentlech nach ëmmer skandaliséiert wier, dass de Premier Minister Aznar nach ëmmer net offiziell sech distanzéiert huet vum Franco-Regime an ni de Biergerkrich offiziell kritiséiert a sech ni derfir entschëllegt huet, well et muss ee bedenken, dass den Aznar ausser senger Familljentraditioun jo och aus enger Partei kënnt, enger chrëschtlech-demokratescher Partei, der Partido popular, där hiren aktuelle President Fraga Iribarne ënnert dem Franco Tourismus- an Innenminister war an deen eigentlech esouguer geduecht war als ee vun den Nofolger vum Franco. Hie sëtzt nach haut a Galizien als President an ass nach President vun där Partei, déi et nach net fäerdeg bruecht huet hir Distanzen ze huele wéi aner Parteien an anere Länner dat gemaach hunn.

Ech war ganz erfreet am Lëtzebuerger Wort elo e ganz kriteschen Artikel doriwwer ze liesen, nodeem d'Lëtzebuerger Wort och während Jorzéngten e Korrespondent hat, deen ëmmer relativ indulgent mat dem Franco-Regime war, an deem seng Artikelen ech iwwer Jorzéngte gelies hunn, datt ech elo en Artikel gelies hunn, wou och ganz schaarf déi Tatsaach kritiséiert ginn ass, dass d'Regierung Aznar sech nach net distanzéiert huet vum Franco-Regime a wou elo festgestallt gëtt, dass no der Entdeckung vu Massegriewer a Spuenien vu Brigadisten an och vun anere Republikaner endlech eng Diskussioun och an der jonker Generatioun opkënnt iwwert eng méi konsequent Opschaffung vun deene Joren 1936 bis 1939 an och deene Joren 1939 bis 1975.

Dat gesot, wëll ech selbstverständlech den Accord vun eiser Partei zu där wichteger Proposition de loi ginn, och wa mir léiwer gehat hätten, mir hätten ee Schrëtt kënne méi wäit goen, wéi déi zwee Rapporteuren dat och scho gesot hunn.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, wann dat Gesetz vum 10. Abrëll 1937 haut definitiv ofgeschaf gëtt, dann ass dat selbstverständlech en héich symbolesche Geste vun dëser Chamber. Et ass fir mech duerfir och eng grouss Éier mat menger Stëmm an och mat där vun der Lénker dozou bäidroen ze kënnen.

Et ass ouni Zweifel deenen zwee Auteure vun der Gesetzespropositioun, dem Alex Bodry an dem Mars Di Bartolomeo, awer och dem Statsminister Jean-Claude Juncker ze verdanken, déi duerch hir Initiativen an Deklaratiounen um Niveau vun den Institutiounen den Terrain fir dat virbereet hunn, wat allgemeng als eng Unerkennung vun deem ugesi gëtt, wat d'Spueniekämpfer scho ganz fréi ënnert dem Asaz vun hirem Liewe géint de Faschismus geleescht hunn.

Den Terrain fir déi politesch Décisiounen hei ass awer virbereet gi vun deene verschiddenste Leit an Organisatiounen aus der Gesellschaft, déi während Jorzéngten net midd gi sinn un d'Spueniekämpfer an un déi aktuell Bedeitung vun hirem Asaz ze erënneren.

Stellvertriedend fir se alleguer wëll ech zum Beispill den Historiker Henri Wehenkel nennen, deen a sengem Buch, wat schonn hei genannt ginn ass, op eng nuancéiert Manéier dee ganzen Engagement duergestallt huet andeem hien net ausgaangen ass vun offizielle politeschen Deklaratiounen oder vun ideologesche Verlautbarungen, mä andeem hien ausgaangen ass vun den historesche Sourcen, déi hien hat, vun deem, wat iwwert d'Mënschen, déi dorunner bedeelegt waren, gesot ginn ass a wat vu Mënsche gesot ginn ass, déi un deem Kampf do bedeelegt waren.

D'Spueniekämpfer, dat ass a mengen Aen e Begréff aus dem kollektive politesche Gediechtnis zu Lëtzebuerg. Hir Zuel iwwer 100, gemoossen un deene klengen Dimensioune vum Land, ass enorm. Et ass e Begréff behaange mat deene verschiddensten oft kontradiktoresche Connotatiounen, jee no politeschem Standpunkt, an dat ass och, mengen ech, gutt esou.

D'Spueniekämpfer hunn ëmmer faszinéiert a gläichzäiteg och gestéiert an ugëeckt. Si ware keng Beruffsrevolutionären, si haten hir Zweifel an hir Schwächten, mä si haten och hir Éier. Si hunn ni wierklech an der politescher Gesellschaft duerno eng Plaz fonnt, op kenger Säit. Hir Geschicht ass haut nach net ofgeschloss. Si hu se op jidde Fall net selwer niddergeschriwwen.

Si ware jonk Rebellen, wéi se tëschent 1936 an 1938 aus den Aarbechterquartiere vun Diddeleng, Esch an Déifferdang een nom aneren hir Aarbecht gekënnegt hunn an a Spuenien der Republik géint d'Franco-Putschisten hëllefe gaange sinn. Si hate keng grouss strategesch Iwwerleeungen, wéi se dat gemaach hunn. Si hu sech awer ni Illusioune gemaach iwwer iergendeng Neutralitéit, déi se hätte misse respektéieren, well se instinktiv gespuert hunn, virun aneren, dass an deem epochale Kampf, dee sech an Europa deemools ugedeit huet, et keen neutrale Standpunkt konnt ginn.

D'30er Joren, dat waren déi vun der Immigratioun, dat waren déi vun de Flüchtlingen aus Italien an aus Däitschland, dat waren déi vun de groussen Demonstratiounen a Streiker vun de Bierg- a Stolaarbechter fir hir sozial an demokratesch Rechter. Esou zum Beispill d'Manifestatioun vum 12. Januar 1936 vun 35.000 bis 40.000 Aarbechter géint den Artikel 310 vum Code pénal, deen d'Gewerkschaftsfräiheete behënnert huet an deen duerno opgrond vun där Demonstratioun ofgeschaf ginn ass.

D'Zesummesetzung vun de Spueniekämpfer seet villes aus iwwert dee Melting Pot, deen et schonn deemools zu Lëtzebuerg ginn ass, well niewent enger Majoritéit vu Lëtzebuerger hunn d'Italiener dee gréissten Deel vun hinnen ausgemaach. Vill vun hinne si virum Mussolini geflücht, vill vun hinne waren och hei zu Lëtzebuerg duerch hir politesch a gewerkschaftlech Aktivitéit dauernd der Gefor vun der Ausweisung ausgesat.

«Si mes enfants et moi doivent en souffrir, c'est sans importance. Il y va de la liberté et vous l'auriez expulsé de toute façon», gëtt eng couragéiert Diddelenger Fra der Police zu Protokoll, wéi versicht ginn ass den Départ vun hirem Mann no Spuenien géint si auszespillen. Géint en däitsche Spueniekämpfer, deen zu Dachau war, ass en Ausweisungsbefehl vun 1936 och nom Krich nach oprecht erhale ginn, obscho seng Fra zu Déifferdang gewunnt huet. Et stung deemools an engem offizielle Rapport: «Si les époux Blüder veulent mener une vie commune, ils peuvent se réunir dans leur patrie, puisqu'ils sont tous deux Allemands.» Et kënnt een net derlaansicht, Dir Dammen an Dir Häre, wann een de Spuniekämpfer net wëllt Onrecht undinn, vun där onrühmlecher Roll ze schwätzen, déi d'Police- an d'Justizautoritéiten am Optrag vun der Regierung deemools gespillt hunn.

Déi Berichter an den Archive si mat Police politique iwwertitelt. Dat war d'Zäit vum Maulkuerfgesetz, dat net nëmmen 13 Deeg no deem heite Gesetz, wat elo abrogéiert gëtt, gestëmmt ginn ass an dëser Chamber, dat Gesetz wat majoritaire duerch den historesche Referendum vum Lëtzebuerger Vollek scho viru 66 Joer abrogéiert ginn ass. Et ass leider eng historesch Tatsaach, dass déi Berichter herno d'Grondlag ware vun den Naziverfolgunge géint d'Spuniekämpfer, déi wéi keen anere Grupp am Land och nom Spuniekrich fir hiren Asaz bezuelt hunn, zu Dosenden an de Prisongen a KZer an Däitschland an an Italien. Si waren déi éischt Lëtzebuerger zu Dachau an do d'Réckgrat vun der Solidaritéit. Si waren op der Gefaangeneninsel Ventotene an Italien, zesumme mat villen italieneschen Antifaschiste vun der éischter Rei, wéi dem spéidere President Pertini zum Beispill.

Ee vun de Lëtzebuerger Spueniekämpfer ass esouguer vill méi spéit gewielte Regent gewiescht vun der Republik San Marino. Déi meeschte Spuniekämpfer sinn awer onbekannt gestuerwen, oft relativ jonk, zwee vun hinne liewen nach. Et ware Kommunisten, Anarchisten, Sozialisten oder einfach nëmme Republikaner a Fräiheetskämpfer. „Ils se sont engagés à contre-courant de l'opinion politique. Ils ont été arrêtés trop tôt. Ils avaient compris avant les autres et constatent maintenant qu'ils sont restés une minorité. Le pays majoritaire a d'autres héros à fêter, les anciens d'Espagne dérangent et troublent l'unanimité nationale", heescht et am Buch iwwert d'Spueniekämpfer e bëssen désabuséiert.

Haut kann een zefridde sinn, Dir Dammen an Dir Hären, mä d'Spueniekämpfer liewen an der Imaginatioun weider, well, wéi et am Buch heescht : «Honneur, reconnaissance, remerciements, ce n'est pas pour ces choses qu'ils sont partis à vingt ans. Ils étaient convaincus qu'un jour d'autres jeunes dans d'autres conditions comprendraient ce qu'ils avaient voulu, car» - an zitéiert gëtt dann de portugisesche Schrëftsteller Pessoa - «ils portaient en eux tous les rêves du monde.»

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Premier- a Statsminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Debatt hei ass passionant, mä streckeweis och gênant, well ee sech, wann een eisen Alter huet, vläicht soll hidden en ongnädege Bléck op d'Geschicht ze geheien. Well zu der historescher Wourecht gehéiert och, dass dat Gesetz, wat mer haut zu Recht ofschafen, net nëmmen en unilateraalt Gesetz war, mä eent wat wollt soen, dass kee Lëtzebuerger, a keen deen zu Lëtzebuerg géif wunnen, dierft a Spuenien kämpfen, ouni ze preziséieren ëm wat fir eng Säit et sech dobäi gehandelt huet.

Et war verbuede Waffen a Spuenien ze droe fir e Lëtzebuerger, an dat ass geschitt opgrond vun enger Konventioun, déi vun der internationaler Net-Interventiounskommissioun vu London un all europäesch Regierungen erausgaangen ass an déi vun all eisen Nopeschlänner a quasi identeschen Termen zu Gesetzer gemaach ginn ass, ouni dass och nëmmen eent vun deene Länner déi Gesetzgebung zréckgeholl hätt, nodeem déi Evénementer, vun deene mer schwätzen, fir déi déi ëmmer schonn alles richteg gesinn hunn, kloer ausgaange waren, an déi, déi eréischt méi spéit sech de richtege Bléck fir d'Saachen eruewert haten, dat och kloer gesinn hunn.

Ech hunn net a Virbereedung vun dëser Debatt, mä a Virbereedung vun enger Debatt, déi mer 1998 haten, wéi de Kolleeg Mars Di Bartolomeo mech eng éischte Kéier op d'Noutwendegkeet vun enger Modifikatioun vun eiser Législatioun ugeschwat huet, an a Virbereedung vun enger Äntwert op e Bréif vum Minister Bodry vum 1. Juli 1999, mech eng éischte Kéier méi intensiv mat de parlamentareschen Debatten a Viraarbechten zu dësem Gesetz beschäftegt, an dofir wonneren ech mech iwwer munch séiere Saz, deen hei geschwat gëtt, manifestement ouni déi parlamentaresch Virbereedungsaarbechten, déi zu dëser Législatioun 1937 gefouert haten, kënne vollëmfänglech ze würdegen.

Dobäi ass dat wat mer hei maachen ongeméinlech an einfach zugläich. Et gëtt keng legal oder gesetzestechnesch Noutwendegkeet, dat Gesetz hei ofzeschafen. Et ass e Gesetz, wann et eent gëtt, wat an Désuétude gefall ass an no allgemenger Rechtsdoktrin net méi besteet, dann ass et dat heiten. Dofir hunn och anerer et wahrscheinlech net ofgeschaaft. Mä et gëtt awer eng gutt Ursaach, wann ee Land no engem Wee sicht, eppes ze expriméieren, wat et onzweedeiteg haut ëmfënnt, fir dat Gesetz ofzeschafen, well dat eigentlech ee legislativen Akt ass, deen iwwerhaapt keng normativ Gewalt ausléist, mä eigentlech zum Ausdrock soll bréngen, dass dëst Land, doduerch dass säi Gesetzesgeber dat Zréckzéie vun deem Gesetz vun 1937 stëmmt, deene Leit, déi mer Spueniekämpfer nennen an déi e gewaltege Mythos ëmgëtt, eng Aura ëmgëtt, an eng Atmosphär dégagéiert gëtt, fir déi mer, mengen ech, alleguerten empfänglech waren an empfänglech sinn, fir deene Leit eis Unerkennung ze soen.

Dat hate mer och scho gutt gespuert 1999, 2000, wéi mer zesummen décidéiert hunn deene Spueniekämpfer, déi deemools nach all gelieft hunn, déi dräi, wëll ech soen, et ass leider een dovu gestuerwen, an den nationalen Ordren ze zitéieren, wat mat fuerchtbare Problemer verbonne war, well déi Orden, an déi ech dem Grand-Duc proposéiert hu se ze zitéieren, waren net virgesi fir Leit, déi kategoriell net vun eiser Gesetzesgebung iwwert d'national Uerde konnten adequat behandelt ginn. Dofir huet laang d'Meenung bestanen, dass se eng militär Mëdail misste kréien, mä d'Sagesse och vu fréieren Arméiministeren huet mech dovun ofgehale fir dat ze maachen an een anere Wee ze sichen.

Wat mer zum Ausdrock bréngen eigentlech als Jonker, déi sech sollen zréckhale mat vireilege Beuerteelunge vun der Epoque, dat ass dass awer d'Beuerteelung vun deene Leit, ëm déi et hei geet, eng ass déi keng Fragezeiche verdingt, well et ouni all Zweifel esou ass, dass se, mat deem Pressentiment iwwregens wat d'Aarbechter vun den 30er Joren am Süde ganz oft ausgezeechent huet, gutt gespuert hunn, gericht a gefillt hunn, dass eppes amgaange wär ze geschéien, wou se Positioun missten ergräifen a wou se hire Mann misste stellen, a sech dobäi eben net un deem gestéiert hunn, wat d'lëtzebuergesch Befindlechkeet vum Moment war, dat heescht déi immerwährend Neutralitéit, wéi den däitsche Verfassungstext zu Lëtzebuerg deemools gesot huet. Déi hat net laang ugedauert nom Spueniekrich, an déi, déi sech op déi richteg Säit geschloen hunn am Spueniekrich, haten dat gutt gesinn, dass Pabeier net zielt wann et ëm quasi helleg Iwwerzeegunge geet, fir déi déi Leit agetruede sinn, an dofir ass dat wat mir hei maache richteg, a richteg ass et och dass mer se net gläichsetze mat deene Leit, déi opgrond vum Gesetz vun 1967 probéiert hu Recht ze kréien, net well ech dat net iergendwéi awer géif esou gesinn, do sinn ech an deem, wat den Alex Bodry gesot huet, ganz no, mä well een einfach och muss verstoen, dass déi Leit, déi individuell e Resistenzakt gesat hunn nom 10. Mee 1940, dat aus patriotischen an aus nationale Grënn gemaach hunn, an déi Spueniekämpfer aner Mobiler haten.

Ech halen déi eng fir esou wichteg wéi déi aner, fir dass mer do net am Rout-Wäiss-Bloen hei ënnerginn, mä ech muss awer d'Sensibilitéit vun deene Leit verstoen, déi ënnert deem Gesetz leien, an déi fannen, dat wär eng Gesetzgebung fir si, dat ännert awer näischt drun, dass mer sollen, wéi ech hoffen, an der Unanimitéit dat Gesetz vun 1937 ofruffen, an domat däitlech maachen, wat mer eis iwwert déi Virgäng vun deemools zesummen denken a wéi mer d'Handele vun deene Leit gesinn, déi sech iwwert dat Gesetz zu Recht, wéi een da muss soen, ewech gesat hunn.

Déi national Operatioun, déi mer hei virhuelen, wär schrecklech méi crédibel gewiescht, wa se um Enn vun de 40er Jore vun deenen duerchgefouert gi wär, déi d'Gesetz vun 1937 gestëmmt oder bekämpft hunn, mä nodeem se aus dem Krich erëm komm sinn, mengen ech, hate se aner Suergen. Well mer net net déiselwecht Suergen hu wéi si, solle mir hir Aarbecht haut fäerdeg maachen.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschlooss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vun der Proposition de loi 4609 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte de la proposition de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vun der Proposition de loi 4609.

***Vote sur l'ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

D'Proposition de loi 4609 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Paul Helminger), Marco Schroell (par Mme Simone Beissel), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5003 iwwert den Institut viti-vinicole. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Scheuer, Belling a Mehlen. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nicolas Strotz.

## 3. 5003 - Projet de loi portant réorganisation de l'Institut viti-vinicole

***Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural***

M. Nicolas Strotz *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5003 portant réorganisation de l'Institut viti-vinicole ass den 1. August 2002 an der Chamber déposéiert ginn. Déi zoustänneg Chamberskommissioun huet sech eng éischte Kéier den 12. September 2002 domat befaasst an huet mech als Rapporteur désignéiert.

Den 13. Dezember 2002 huet d'Chambre des Fonctionnaires hiren Avis ofginn. Den Avis vum Statsrot long de 25. Februar 2003 vir, während d'Chambre de l'Agriculture eréischt den 12. Juni 2003 hiren Avis ofginn huet.

De Projet de loi an déi entspriechend Avisë sinn den 18., respektiv de 24. Juni analyséiert ginn. An der Sitzung vum 24. Juni ass vun der Kommissioun en Amendement formuléiert ginn, deen un de Statsrot geschéckt ass ginn, dobäi long eng Demande fir dass de Statsrot sollt eng Opposition formelle iwerdenken.

Den Avis complémentaire vum Statsrot, dee sech mam Amendement d'accord erkläert huet a seng Opposition formelle opgehuewen huet, long den 10. Juli vir, an den 11. Juli ass de schréftleche Rapport ugeholl ginn, dee mer haut dann elo hei am Plenum diskutéieren.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Et ass an der Kommissioun vun eenzelne Spriecher gemengt ginn, de Projet géif, well de Rapport kuerzfristeg virgeluecht ginn ass, iwwert de Knéi gebrach. Deem ass net esou. Schliesslech ass vum Dépôt bis haut quasi e Joer verstrach, an och wann eenzel Rapporten op sech waarde gelooss hunn, hat jiddfereen Zäit genuch fir sech mat der Problematik ze befaassen.

Wa mer als Majoritéitsfraktioun drop gehalen hunn, dass de Projet nach virun der Vakanz op den Ordre du jour vun enger Sitzung sollt kommen, dann aus der Tatsaach eraus, dass gewëssen Urgencë bestinn.

Éischtens well duerch de Projet d'Personal vun der Marque nationale an de Personalkader vum Wäibauinstitut iwwerholl gëtt. Domadden ënnerleien d'Personalkäschten dem Stat, an net méi dem Fonds viticole, deen domat zousätzlech Moyenë behält fir d'Promotioun vum Wäin am Kader vun der neier Commission pour la propagande des vins et des crémants verstäerkt virun ze dreiwen, an zweetens well an dësem Projet eenzel Carrièren ugepasst ginn, an domat fir deen een oder aneren eng laang iwwerfälleg kleng Gehaltsopbesserung an d'Haus steet, an déi een engem net soll virenthalen, oder ass een heibannen anerer Meenung? Da soll en dat hei soen.

Global gesi muss een awer soen, dass dëst Gesetz net dozou déngt hei Bonbonen un d'Personal auszedeelen oder d'Verwaltung opzebauschen, neen. Et geet hei drëm der Verwaltung vum Wäibauinstitut endlech eng geregelt Personalstruktur ze ginn, fir dass den Institut op eng adequat Aart a Weis senge Missiounen, esouwuel um nationale wéi um europäesche Plang, gerecht gi kann. Dës Missioune vum Wäibauinstitut ze preziséieren an ze complétéieren ass dann och den Haaptvolet vun dësem Gesetz.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch d'Gesetz vum 23. Juli 1925 ass d'Wäibaustatioun an d'Liewe geruff ginn. Den Text huet quasi aus engem Artikel bestanen, wou dra stong: „le Gouvernement est autorisé à établir une station viticole, appelée à s'occuper de toutes les questions intéressant le domaine de la viticulture". D'Wäibaustatioun ass deemools aus der Nout eraus gebuer ginn. Well nom Éischte Weltkrich den Zollveräin mat Däitschland gekënnegt ass ginn, war den Ofsaz vum Wäi méi wéi a Fro gestallt. Nei Mäert, besonnesch an der Belsch, hu missen erschloss ginn. D'Ofsazprobleme haten als Konsequenz, dass d'Genossenschaftskellereie gegrënnt gi sinn.

D'Rieflaus huet och déi Zäit esou gewuchert op der Musel, dass grouss Deeler vum Wéngertsareal nei ugeplanzt hu misse ginn. Dëst hat niewent grousse Verloschter fir d'Wënzer och seng gutt Säiten, well et war d'Gebuertsstonn vun de Qualitéitsdrauwenzorten op der Musel, esou wéi mer se haut kennen. Si waren op amerikanesche Rieflausfestënnerlage geprafft.

D'Schafung vun der Wäibaustatioun, déi och d'Versuchsanlage vu Wuermer a Gréiwemaacher verwalt huet, war opgrond vun den deemolege katastrophalen Ëmstänn méi wéi berechtegt, jo noutwendeg.

1963 sinn d'Missioune vun der Wäibaustatioun duerch en neit Gesetz definéiert ginn, an et ass e Personalkader geschafe ginn.

1976 gouf duerch Gesetz aus der Wäibaustatioun den Institut viti-vinicole. D'Missioune sinn erweidert ginn, besonnesch wat d'Applikatioun vun den europäeschen Direktiven am Kader vun der gemeinsamer Wäibaupolitik ugeet an den Institut krut d'Missioun Formatiouns- a Weiderbildungscoursen ze organiséieren. Dräi Sektioune si geschafe ginn an de Personalkader ass deemools och erweidert ginn. Zwee Ingenieursposten, Expéditionnairen a Surveillantë koume bäi.

De Gesetzesprojet vun haut baséiert sech op d'Gesetz vun 1976. Et gëtt ugepasst an ausgebaut, fir dass den Institut den neien Erausfuerderunge ka gerecht ginn. Ze bemierken ass, dass déi vum Statsrot a sengem Avis proposéiert Textännerunge vun eenzelnen Artikele vun der Kommissioun iwwerholl si ginn. Am Artikel 1 ginn d'Attributioune par rapport zu 1976 erweidert. D'Notioun vun der Applikatioun vun ëmweltschounende Methoden ass am éischten Tiret vum Artikel 1 dobäi komm.

Ech wëll hei eng Klammer opmaachen, fir ze soen dass ee muss wëssen, dass an deem Beräich de Wënzer elo scho grouss Efforte mécht, zum Beispill bei der Bekämpfung vun den Insektiziden. Dëst gëtt e gutt Stéck méi deier, mä leider loossen déi versprache Subventiounen, Här Minister, heiansdo ze vill laang op sech waarden.

Am Tiret D kënnt d'Kontroll vun der Ëmsetzung vun den europäeschen Direktive mat dobäi. D'Tireten H an I vum Artikel 1 ginn op Avis vum Statsrot an en eenzegen Artikel zesumme gefaasst. En operleet dem Institut d'Missioun fir déi alljährlech Statistiken an, op Demande vum Minister, Etüden iwwert déi wirtschaftlech a sozial Situatioun am Wäibau ze erstellen.

Eng wichteg Neierung ass, dass déi ganz Organisatioun a Gestioun vun der Marque nationale mat an d'Attributioune vum Wäibauinstitut erakënnt, wat de Fonds viticole wesentlech administrativ a besonnesch finanziell entlaascht, wourobber ech scho kuerz agaange sinn.

Des Weidere kann de Minister den Institut mat all anere Problemer am Beräich vun der Viticulture an der Oenologie befaassen. Fir méi Detailer iwwert d'Attributioune verweisen ech op den detailléierten Exposé des motifs vum Projet de loi.

Huet den Institut och schonn an der Vergaangenheet Moscht- a Wäinanalysen am Interesse vum Wënzer gemaach, esou fixéiert den Artikel 2 vum neie Gesetz genee d'Roll vum Laboratoire. Esou mécht hien net nëmmen Analysen, mä e beréit och de Wënzer während dem Verlaf vun dem Vinificatiounsprozess. D'Analyse si gratis bei der Moschtanalys a bei de Wäiner, déi ugestallt gi fir d'Marque nationale. D'Modalitéiten an d'Taxë fir aner Prouwe ginn iwwer e Règlement grand-ducal festgeluecht.

Den Artikel 3 bezitt sech op d'Ausbildung an d'Weiderbildung. Säit 1925 gehéiert d'Formatioun zu de Missioune vum Institut. Bedéngt duerch den technesche Fortschrëtt, de spezifeschen Ëmweltoploen an esou virun ass et onëmgänglech, dass Ausbildungs- a Weiderbildungscoursen ugebuede ginn. Dëst war a bleift eng Attributioun vum Institut, dat an Zesummenaarbecht mat dem Ministère de l'Education nationale. Och soll menger Meenung no d'Chambre de l'Agriculture mat agebonne ginn, déi laut Agrargesetz am Beräich vun der Vulgarisatioun eng Responsabilitéit huet.

Hei wëll ech och eng Klammer opmaachen an e Wuert zu engem Deelaspekt vum Avis vun der Chambre de l'Agriculture soen, deen och Bezuch huet op d'Aus- a Weiderbildung. D'Iddi fir de Spezifissitéite vun de Produits du terroire an der Zukunft méi eng grouss Bedeitung zoukommen ze loossen, schéngt mir e Wee an déi richteg Direktioun ze sinn. Mir mussen net all Trend vun der Gläichmaacherei nomaachen, mä mir musse versichen d'Eegenaart vun eise Wäiner méi staark ervirzeträichen. Dofir muss menger Meenung no och de Volet vum Wäibau, wou et drëms geet den typesche Charakter vum Lëtzebuerger Wäin ze halen, weider ausgebaut a propagéiert ginn

a muss och Afloss fannen an d'Beräicher vun Ausbildung a Weiderbildung. D'Berodung muss sech och op d'Aarbechten am Wéngert bezéien. Steet déi Notioun vum Terroir och net direkt am Projet de loi, esou dierft et awer kee Problem sinn opgrond vun de virgesinnen Texter vum Projet de loi där Notioun Rechnung ze droen.

De Wäibauinstitut wäert an der Zukunft laut Artikel 4 net nëmme wéi bis elo dräi, mä fënnef Sektioune begräifen. Eng fir d'Viticulture proprement dite mat dem Entretien vun de Versuchswéngerten, eng fir d'Oenologie an d'Vinificatiounsmethoden, eng fir d'Iwwerwaachung an d'Kontroll vun de legale Prescriptiounen a Reglementatiounen. Nei dobäi kommen eng Sektioun fir d'Elaboratioun an d'Applikatioun vun den europäeschen Direktiven am Zesummenhank mat der Politique agricole commune, an eng Sektioun vun der Marque nationale. Si all schaffen ënnert der Leedung a Responsabilitéit vum Direkter.

D'Artikele 5, 6, 7 an 8 regelen d'Personalstruktur, déi en neien Opbau kritt. Si sinn esou opgebaut, dass se den allgemenge Bestëmmunge vun der Fonction publique entspriechen. Den Artikel 5 fixéiert de Kader vum Personal an deene verschiddene Carrièren. Den Artikel 6 fixéiert d'Konditiounen, déi een erfëlle muss fir an deenen eenzelne Carrièren agestallt kënnen ze ginn. Den Artikel 7 ännert d'Gesetz vum 22. Juni 1963 iwwert de Regime vun de Statsbeamten ëm, an zwar esou dass déi zwee Gesetzer an Aklang matenee sinn.

D'Chambre des Fonctionnaires huet eng Rei Textännerunge betreffend d'Artikele 5 bis 8 proposéiert, déi vum Statsrot iwwerholl goufen an déi och eis Kommissioun sech zu eege gemaach huet.

Bemierke muss ech, dass de Personalopbau vum initiale Gesetzestext de Propositioune vum Ministère de la Fonction publique entsprach huet. Ze bemierken ass, dass den Direkter vum Grad 15 an de Grad 16 kënnt. All Ingenieur beim Stat kënnt wéinstens an de Grad 16, esou dass dëst enger méi wéi normaler Upassung entsprécht. Dat huet guer keen Afloss och op dee jëtzegen Direkter, dee schonn am Grad 16 war ier en op dee Posten do genannt gouf. Vu dass vill aner Direktere beim Stat am Grad 17 respektiv 18 sinn, hätt ee sech kënnten iwwerleeën, ob den Direkter vum Institut net och an de Grad 17 anzeklasséiere gewiescht wär. Wat net ass, ka vläicht bei der nächster allgemenger Reform vun dem Regime vun de Statsbeamte geschéien.

Den Artikel 8 gesäit fir eenzel Beamten eng nei Aklasséierung vir. Esou kënnt de Beamten aus der jëtzeger Carrière vum Assistant viticole op Propositioun vum Statsrot an déi nei Carrière vum Assistant viticole, déi gläich gestallt gëtt mat der Carrière vum Laborantin. Am initiale Projet hat d'Fonction publique sech deem widdersat.

M. le Président.- Här Strotz, ech wollt Iech drop hiweisen, dass Är Zäit als Rapporteur elo ofgelaf ass an dass Der dann och zum Schluss sollt kommen.

M. Nicolas Strotz *(CSV), rapporteur.*- Dir sidd ganz streng mat mir, Här President. Vu dass mer keen offizielle Spriecher hunn, Här President, bieden ech Iech mer zwou Minutte bäi ze ginn.

Déi véier Employés privés aus der Marque nationale kommen an de Regime vum Employé de l'Etat. Hei hu mer eis d'Fro gestallt, ob een déi net hätt kënnte fonctionnariséieren, mä hei war d'Fonction publique dogéint wéinst dem Prinzip vun der Gläichbehandlung mat de Fonctionnairen, déi sech enger Rei Examen musse stellen. Op Urode vun der Kommissioun huet de Statsrot am Artikel 8 (3) op seng Opposition formelle verzicht, esou dass e Beamten aus der Carrière B1 fonctionnariséiert ka ginn, ouni sech brauchen engem Examen ze stellen, an zwar wéinst senger iwwer 30-jähreger Erfahrung am Beruff a wéinst der Gläichbehandlung mat ähnlech gelagerte Fäll.

Laut am Artikel 8 (4) arrêtéierte Konditioune kann en Aarbechter aus dem Laboratoire, deen déi Konditiounen erfëllt, an d'Expéditionnairescarrière eriwwer wiesselen.

Här President, dës Reforme schafen duerch déi virgesinnen Ëmännerungen eng Verwaltungsstruktur, déi et erlaabt an der Zukunft méi en administrativ geregelten Oflaf am Wäibauinstitut ze garantéieren.

Nach e Wuert zum Avis vum Statsrot. Als Kommissioun ware mer net dem Statsrot senger Meenung, fir mat dësem Gesetz eng Reform duerchzezéien, wéi se an der Pricewaterhouse-Etüd ugedeit war ginn. Éischtens well dat net de But vun dësem Gesetz ass an zweetens well d'Meeschtersték vun där Etüd, an zwar d'Schafung vun engem Comité interprofessionnel des vins du Luxembourg als Zentralorgan vun deem neie Gesetz wéinst dem Désaccord vum Beruff net zustane konnt kommen. Dëst ass wierklech ze bedaueren, ass awer fir de Moment net ze änneren.

Desto trotz sinn à la suite vun der Etüd Pricewaterhouse eng ganz Rei Mesurë säits dem Ministère en accord mat dem Beruff ëmgesat ginn. Ech zielen der e puer a Stéchwierderform op. Eng Reform vun der Marque nationale; d'Erneierung vum Equipement am Laboratoire mam Zil fir méi séier a méi genee Analyse kënnen duerch ze zéien a mam Zil fir den Agrément am Kader vun der Liewensmëttelkontroll aus der EU-Direktiv ze kréien; Schafung mat ganz vill perséinlechem Asaz vum Här Minister Boden vun enger Commission de promotion, déi am ënnere vum Fonds viticole funktionéiert a wou sämtlech Beruffsvertriedungen dra vertruede sinn. Dës Kommissioun ka menger Meenung no d'Keimzell duerstelle fir an der Zukunft och op aner Gebitter méi enk zesummen ze schaffen. Dann ass d'Schafung vun enger Maison du Vin zu Éinen an Ugréff geholl ginn. Villes aus der Etüd ass also schonn ëmgesat ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech sinn der Meenung dass och dëse Projet, esou wéi e konzipéiert ass, e gudde Projet ass, an an deem Sënn géif ech Iech bieden de Projet de loi 5003 portant réorganisation de l'Institut viti-vinicole an der virleiender Form mat grousser Majoritéit ze stëmmen, an am Numm vun der CSV-Fraktioun ginn ech dowéinst dann och den Accord zu dësem Projet.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech géif dann och dem Här Rapporteur merci soen an ech géif deem éischten ageschriwwene Riedner d'Wuert ginn, dat ass den Här Scheuer. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Merci, Här President. Wann een d'Fro stellt wéi et der Lëtzebuerger Musel geet, wann een d'Fro stellt wéi et dem Wënzerverband geet an dem Wënzerstand geet, a generell wéi et dem Wirtschaftssecteur Wäibau geet, dann huet een net Zäit genuch fir an dem Kader vun dësem Projet de loi dorop ze äntweren.

D'Conférence des Présidents huet de Modell 1 gewielt. Firwat? Well de Modell 1 duergeet, fir der Envergure vun dësem Gesetz gerecht ze ginn, well dat Gesetz wat hei deponéiert ass, ass en technesch administratiivt Gesetz an net méi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Jore ware global gekuckt gutt Wäijoren, d'Qualitéit vun den Drauwe war gutt, den Härgott huet matgespillt dobäi, kleng Katastrophe konnten opgefaange ginn, d'Qualitéit vum Lëtzebuerger Wäin war, an dat ass indiscutabel, nach ni sou gutt wéi bis elo, d'Kompetenzen am Ausbau vu Crémant a stëlle Wäiner sinn excellent zu Lëtzebuerg, an d'Resultater op de Concoursë beleeën dat.

Wat huet de Lëtzebuerger Stat dozou bäigedroen? Dat ass d'Fro. Éischt Äntwert: All Agrargesetzer hu sech positiv ausgewierkt op d'Investissementer, och am Wäibausecteur. Zweet Constatatioun: Déi puer Reglementer, déi mer geholl hunn, si positiv Reglementer gewiescht, ouni Zweifel, mä niewent dem Agräife vum Stat an niewent deem wat mir hei bestëmmt hunn, oder wat d'Regierung bestëmmt huet, hu mer ze doe mat engem Beruffsstand, dee wierklech aktiv ass, an e Beruffsstand deen op seng Selbststännegkeet besteet an déi och verteidegt. An ech ginn lech ee Beispill, just fir ze beleeë wéi dee Beruffsstand méi wäit geet wéi dat wat de Législateur virschreift. Mir haten den Hektarhöchstertrag festgeluecht vun 10-12 Fudder um Hektar, wann ee bestëmmt Wäiner hélt. Kuckt emol no, wéi vill Wënzer nach un deen doten Hektarhöchstertrag kommen, wéi déi Wäiner, déi mer presentéieren an déi déi jo wannen an de Concoursen, wéi wäit d'Récolten ënnert deem Hektarhöchstertrag leien.

A Wierklechkeet gëtt déi Réglementatioun wäit ënnerschratt, bewosst am Intérêt vun der Qualitéit. Dat ass symptomatesch. De Wënzer ass zu engem Entrepreneur ginn an de Wënzer besteet drop en Entrepreneur ze sinn, ob dat de Privatwënzer ass oder ob dat och de Genosseschaftswënzer ass, dee par délégation datselwecht muss maache wéi de Privatwënzer. De Wënzer huet eng direkt Verbindung zum Produkt an en ass houfreg op dëse Statut.

Problemer ginn et op der Lëtzebuerger Musel am Beräich vum Marketing an am Beräich vun der Promotioun. An ech behaapten et an ech widderhuelen et, ech hunn et ëmmer gesot, et gëtt kee Konzept fir Marketing a Promotioun ënnert een Hutt ze bréngen, an dobäi sinn dat déi existenziell Problemer vun der Lëtzebuerger Musel, an enger Zäit wou den Drock vum Import, vun Importprodukter op de Lëtzebuerger Maart ëmmer méi grouss gëtt, an zu Akommesverloschter féiere kann, an effektiv och scho féiert.

D'Roll vun der Wäibaustatioun op der Lëtzebuerger Musel am Lëtzebuerger Wäibau ass net héich genuch anzeschätzen an deem ganze Komplex, deen de Lëtzebuerger Wäibau eben duerstellt. De Rapporteur huet a sengem gudde Rapport, fir deen ech em félicitéieren, och déi zéng Objektiver duergestallt, déi de Lëtzebuerger Wäibauinstitut huet, a wou en dran aktiv muss ginn. Wann ee bei déi zéng Objektiver vun dem Wäibauinstitut och nach déi vun der Marque nationale derbäi fügt, déi se well huet an déi se soll kréien, da kënnt ee liicht op dat duebelt.

Ech behaapten, datt nëmmen e staarken Institut viti-vinicole d'Gestioun an de Fortbestand, den Ausbau an d'Zukunftsperspektive vum Lëtzebuerger Wäibau garantéiere kann.

An da stellt sech d'Fro: Dréit dee Projet de loi, dee bewosst administrativ an technesch Allure huet, dësen Usprech Rechnung? Fir mech neen. An ech leien do op der Linn vum Statsrot, an ech leien och op der Linn vum Avis vun der Chambre d'Agriculture. A wéi ee roude Fuedem zéit sech duerch d'Texter d'Bedaueren, datt dëse Projet de loi eben net d'Propositioune vun der Etüd Pricewaterhouse mat verschafft. An et gëtt iwwerdäitlech vum Statsrot gesot, an ech wollt Iech awer trotzdeem deen Text virliesen, well et a mengen Aen awer dee Saz ass, deen dee Projet de loi an d'Wäibaupolitik era placéiert: «Or l'exposé des motifs ne fait qu'effleurer un projet de réorganisation de la Marque nationale qui fera suite au remaniement ponctuel des méthodes d'évaluation de la marque intervenues en 2000, mais reste muet sur les problèmes évoqués dans l'étude ainsi sur les remèdes à y apporter. Le Conseil d'Etat doute que les modifications qu'il est proposé de retenir pour le statut du personnel concerné ne change quoique ce soit à cette situation du moins inconfortable pour l'appellation d'origine du vin de la Moselle luxembourgeoise.» An da seet e weider op Säit 2: «Le Conseil d'Etat aurait souhaité que le Gouvernement eût placé le projet sous examen dans le cadre d'un concept global sur l'avenir du secteur viticole, fondé sur les conclusions de l'étude, à moins d'expliquer pourquoi les recommandations du consultant n'ont pas été suivies.»

Méi kritesch kann ee mam Fong vun deem Projet de loi net ëmgoen. Firwat war et net de But vun deem Projet de loi, firwat net méi Courage weisen, firwat net déi Cellule étatique spécialisée emol undenken, déi gefrot gëtt? An der Pricewaterhouse-Etüd heescht dat Cellule étatique spécialisée, wou den heitegen Institut viti-vinicole soll dra goen.

Hei dra steet et. Herno kritt Der se.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Ech hu gemengt de Beruff soll der Pricewaterhouse-Etüd no alles maachen, a keng staatlech Cellule! Dir schwätzt ëmmer vun der staatlecher Cellule.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Neen, neen. Et ginn zwee Elementer an der Pricewaterhouse-Etüd déi parallell sollen an d'Wee geleet ginn. Dat eent ass de Comité interprofessionnel, dat ass de Beruff, an do geet een Deel vun deem wat den IVV well duerstellt mat eriwwer, an en aneren Deel geet dann eriwwer an déi sougenannt Cellule étatique spécialisée. Dat sinn déi Organigrammen, sou wéi ech dat…

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- D'Cellule étatique spécialisée sollt geschwächt ginn, den IVV sollt geschwächt ginn, no der Etüd Pricewaterhouse.

***(Interruption)***

Mä dat dote steet awer dran. Dat steet manifestement dran.

Dir muss Iech kloer ginn. Wat hätt Der gären? De Beruff soll méi staark ginn oder de Stat soll méi staark ginn?

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- D'Réorganisatioun vun deem ganze Secteur verlaangt, datt een Deel vun deem wat den IVV ewell mécht vum Beruff sollt gemaach ginn. Dat war also Liberaliséierung déi gefrot war an op där anerer Säit eng Konzentréierung vun deem, wat de Stat mécht. Mä mir hunn dat ni duerch diskutéiert, Här Minister.

Neen, mir hunn dat ni duerch diskutéiert. Dat war esou eng oberflächlech Diskussioun, déi mer hei gefouert hunn.

Den éischten Objektif un der Etüd war eben e Gesamtkonzept fir de Lëtzebuerger Wäibau ze proposéieren, an dee Konzept deen do proposéiert ginn ass, dee wëllt d'Regierung net, se beschränkt sech - et ass dat wat den Här Strotz gesot huet - op zwee Punkten. Éischtens d'Preziséiere vun dem IVV senge Missiounen an zweetens eng Kaderreform ze maachen, iwwert déi ech ganz kuerz - awer nëmme kuerz - wëll schwätzen.

Ech bedaueren déi Approche vun der Regierung. D'Regierung huet och - esou hunn ech emol d'Impressioun - schonn e schlecht Gewëssen, well ech hunn nach selten eng Note gelies, wou d'Scheitere vum Comité interprofessionnel esou bedauert gëtt wéi dat an der Note vun der Regierung de Fall ass, a wou gesot gëtt, deen „désaccord entre les opérateurs professionnels concernés", dowéinst ass dat esou. Ech bedaueren, dass dat einfach esou higeholl gëtt.

***(Interruption)***

Ech kann Iech meng Konklusioun dorauser soen. Duerch deen heite Projet de loi ass deen anere Projet gestuerwen. Déi Propos ass dout domadder. Dir kënnt dat awer widderleeën.

Ech bedaueren dat. Fir mech ass dat heiten e Constat d'échec. Et ass eng resignativ Approche vun der Regierung vis-à-vis vun enger Etüd, déi vill Geld kascht huet, an déi net esou verschafft gëtt, wéi se misst verschafft ginn. Ech sinn och der Meenung, dass dee Comité de promotion net dat eenzegt Resultat vun allen Diskussiounen a vun alle Streidereien dierf sinn. Et kann nëmmen e Wee sinn, et kann nëmmen eng Etapp sinn zu enger anerer, zu enger besserer Organisatioun. D'Politik ass gefuerdert!

M. Nicolas Strotz *(CSV), rapporteur.*- Entweder hutt Dir d'Etüd gelies oder Dir hutt se net gelies. Wann Der se gelies hutt, dann hutt Der festgestallt, dass scho ganz villes draus ëmgesat ass an da kënnt Der dach elo net soen et wär näischt geschitt, dat ass einfach net éierlech.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Ech behaapte jo net, dass näischt geschitt ass. Ech soen, dass eppes Wesentleches, datt de Fong net realiséiert gëtt. D'Politik ass gefuerdert.

***(Interruptions)***

Gewënscht ass vu mir vill méi Presenz vum Ministère, vill méi Presenz vum Institut viti-vinicole an deene Beräicher, wou en net present ass. Dat ass am Marketing an an der Promotioun.

De Projet de loi ass a mengen Ae kee Schrëtt fir d'Zukunft vum Lëtzebuerger Wäibau massgeblech ze bestëmmen, e verschlechtert en doudsécher net, e bréngt och eng Verbesserung, mä e bewierkt keng Ännerung vun de bestehende Strukturen, nëmmen eng begrenzte Stäerkung. Den IVV wäert an Zukunft och de Lëtzebuerger Wäibau begleeden an deenen zéng Beräicher, déi bekannt sinn. En huet keng nei Attributioune bäikritt, déi ee sech erwaart hätt.

Déiselwecht Remarke ginn och gemaach vun der Chambre d'Agriculture, déi zum Beispill proposéiert d'Kollaboratioun mat dem Service d'économie rurale et d'agrigestion ze verbesseren - ech wollt dat just unhänken -, fir déi wirtschaftlech Problemer vun de Betriber ze cernéieren. Ech hu mer dat erausgeholl, fir ze soen dass do eng nei Dimensioun op den IVV hätt kënnen duerkommen, a souguer wann et dra steet, an deenen allgemenge Sätz, an deenen zéng Propositiounen, feelt awer en Hiweis drop, dass dat an nächster Zukunft gemaach gëtt.

Iwwregens schreift d'Chambre d'Agriculture och, dass ee soll am IVV e Wäibauingenieur astellen, amplaz vun engem Önolog. Dat ass ouni Zweifel sënnvoll. Här Minister, firwat net déi zwee astellen, duebel genéit hält besser, well d'Önologe gëtt et an de Betriber en masse an de Beweis ass jo do? Also e Wäibauingenieur wär scho gutt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Artikel 7 vum Projet de loi befaasst sech mat der Adaptatioun vun de Carrièrë vum Personal. Dat sinn ëmmer delikat Diskussiounen, penibel Diskussiounen. Hei gi bestehend Carrièren opge-

schafft, se ginn adaptéiert, an hannert deenen eenzelnen Nimm, Carrièresbezeechnungen, verstoppe sech Persounen. Ech hunn e Plädoyer gehale fir d'Mise en valeur vum Institut viti-vinicole. Ech wär frou gewiescht, wann een eng Fro hätt kënne stellen un de Statssekretär vun der Fonction publique, deen eventuell och zu bestëmmten Nominatiounen an Aklasséierungen eng Äntwert hätt kënne ginn.

Den Institut viti-vinicole ass e staatlechen Institut, wéi vill anerer. E betreit e wichtege Secteur aus der Lëtzebuerger Ekonomie. En ass de Garant fir d'Funktionéiere vum Secteur a seng Attributioune gi jo am Artikel 1 opgezielt. Deem misst dann och am Tableau vun de Carrièrë vun deem Institut Rechnung gedroe ginn. Den Direkter vum Institut viti-vinicole ass an de Grad 16 aklasséiert, dat ass de Grad vum Directeur adjoint vun de Bâtiments publics, vun de Steieren an esou weider. Am Grad 17 sinn aklasséiert den Direkter vum Arbeitsamt, den Direkter vum Kadaster, de Commissaire à l'enseignement musical an och nach de Premier conseiller de gouvernement. Am Grad 18 ass den Direkter vun der Douane an den Direkter vun der Santé.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een esou eng wichteg Verwaltung huet wéi den Institut viti-vinicole, da muss een och an der Personalstruktur deem Rechnung droen. Ech sinn der Meenung, ofgesinn dovun, dass ech déi Leit kennen, an dass awer kee mat mir dowéinst geschwat huet, dass dat heiten dat falscht Signal ass. Hei hätt missen en Zeeche gesat ginn an eng Carrière geschaf ginn, déi dee Mann, déi Funktioun, pardon, op déiselwecht Linn setzt wéi aner Statsbeamten, déi net onbedéngt en immens wichtege Secteur économique betreien an dirigéieren, wéi dat den Direkter vum Institut viti-vinicole ze maachen huet.

Mir haten an der Kommissioun kuerz driwwer geschwat. Dunn huet den Här Minister gesot, et wär eng Décisioun vun der Regierung. Wann dat esou ass, da kënne mer naischt änneren, mä da waarde mer awer drop fir eng Erklärung ze kréien.

Ech wollt dorun uschléissend, awer och nëmme ganz kuerz op de Statut vun deene Leit aus der Marque nationale schwätzen ze kommen. Wann, an dat seet och den Avis vun der Chambre d'Agriculture, déi Marque nationale de Garant ass fir d'Qualitéit vum Lëtzebuerger Wäin an domadder vun deene wichtegsten Elementer am Lëtzebuerger Wäibau, a wann dat och eng staatlech Missioun elo entsteet fir d'Iwwerwaachung vun deem ganze Secteur ze maachen, dann hätt och de Statut vun deene Leit missen deementspriechend geschaf ginn a si hätten net à l'écart vun deem anere Personal vum Institut viti-vinicole dierfe gesat ginn.Dat ass net nëmmen onelegant, et wär en Zeeche gewiescht an déi richteg Richtung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech schléissen of fir d'LSAP-Fraktioun. Ech liesen Iech trotzdeem awer nach vir, wat d'Chambre d'Agriculture seet, an zwar schonn 1994, fir datt dat och eng Trace hannerléisst: «Rappelons que la Marque nationale est une organisation purement étatique régie par les législations nationales et européennes.» Dat gëllt fir all Marque-nationalen, also och fir déi vum Lëtzebuerger Wäin.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir enthalen eis bei dësem Projet de loi, well mer enttäuscht sinn, esou wéi d'Chambre d'Agriculture, esou wéi de Statsrot, dass d'Regierung mat dësem Gesetz nees d'Geleeënheet verpasst huet eng Ëmstrukturéierung vun de Verwaltungen a vun den Institutiounen, déi am Wäibausecteur aktiv sinn, virzehuelen. Do derniewent entsprécht d'Kaderreform och net den Usprëch, déi mir u se stellen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Scheuer. Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Bellingageschriwwen. Ech géif dann dem Här Belling och d'Wuert ginn.

M. Jeannot Belling *(DP).*- Här President, erlaabt mer zu alleréischt dem Rapporteur, dem Néckel Strotz, merci ze soe fir säi mëndlechen, schréftlechen a rasante Rapport, an Dir gesidd, egal wéi rasant dass hien ass, et ass nach net emol duergaange fir dat alles ze soen, wat hie wollt soen.

Dir Dammen an Dir Hären, och dëst Joer stellt de Conseil économique et sociale a sengem Avis iwwert d'Evolution économique sociale et financière du pays zu Recht fest, dass mer zu Lëtzebuerg iwwer héich qualitativ Wäiner verfügen. An deem Avis konnte mer allerdéngs och liesen, dass déi auslännesch Wäiner eng ëmmer méi staark Progressioun op eisem Marché verzeechne kënnen, eng Tatsaach déi allerdéngs längst vun eise Wënzer gewosst ass.

Den Total vun den Exportatioune vun eise Wäiner läit bei 39% vun eiser Production moyenne vun de leschten zéng Joer, woubäi zum Beispill eisen Auxerrois, eise Pinot blanc an eis Rieslingen, déi e premier cru oder e grand premier cru hunn, also déi beschte Wäiner, déi mer produzéieren, nëmme 6,8% vun eisen Exportatiounen ausmaachen. Aus deem Grond ass et effektiv wichteg, dass mer eisem Wäin, an dat ass op dëser Plaz schonn en etlech Mol betount ginn, eng nei Image de marque ginn.

Als Konsequenz vun där Feststellung ass am Abrëll 2002 d'Commission de promotions des vins et crémants de Luxembourg gegrënnt ginn. Déi Kommissioun soll et fäerdeg bréngen, dass sech eis Wäiner um nationalen an internationale Marché besser positionéiere kënnen.

Eng besser Rentabilitéit vun eise Produkter soll erreecht ginn. Et ass ganz kloer, dass mir d'Ambitioun mussen hunn, a bei der Qualitéit vun eise Wäiner ass dat och ganz berechtegt, dass de Wäibausecteur ee vun deene Secteure mat Zukunft an eisem Land ass.

De Lëtzebuerger Wäin huet u Qualitéit gewonnen, well d'Wënzer an deene leschte Joren Initiative geholl hunn, déi vielfälteg sinn an hir Friichte gedroen hunn. Qualitativ besser Riefzorten - dat ass op dëser Plaz scho viru kuerzem gesot ginn -, nei Vinificatiounstechniken, d'Limitatioun vum Rendement pro Hektar, eng besser Fleeg vun de Wéngerten an domat och vun den Drauwen, hunn zu enger besserer Qualitéit vum Wäin an zu enger Diversificatioun vun der Offer gefouert, déi den Exigenze vum Konsument entspriechen.

Bei deem Ganzen dierfe mer selbstverständlech net eis Crémantë vergiessen, a virun allem d'Efforten, déi gemaach gi sinn, fir d'Appellation „Crémant de Luxembourg" ze schafen. Déi Ustrengungen hu sech vum techneschen Equipement vun de Kellereie bis zum Marketingkonzept erstreckt. Domadder hu mir et fäerdeg bruecht nei Clienten hei zu Lëtzebuerg sou ze soen u Land ze zéien.

Wa mer dann elo vun den Exigenze vum Konsument schwätzen, da si mer eis jo eens, dass et just den Institut viti-vinicole ass, deen do eng wichteg Roll spillt. Engersäits well den IVV an deene leschte Jore mat modernstem Material fir Laboen ausgerüst ginn ass an och héich qualifizéiert Ingenieuren agestallt gi sinn. Anerersäits kënnt dobäi, dass den IVV dat eenzegt qualifizéiert Kontrollorgan fir d'Qualitéit vum Wäin hei zu Lëtzebuerg ass an an Europa den Numm genéisst, eent vun deene strengste Kontrollorganer ze sinn. Mir kënne frou sinn, esou ee performant staatlecht Organ ze hunn, dat zouverlässlech ass, esouwuel fir de Konsument wéi och fir de Wënzer.

Mat der Réorganisatioun vun dem Institut viti-vinicole gëtt jo och d'Personal vun der Marque nationale an de Kader vun deem Institut integréiert. Wat d'Integratioun vum Personal vun der Marque nationale an dat Institut ubelaangt, kann ech mech nëmmen de Wierder vu menge Virriedner uschléissen. Do kéint ee sech wierklech d'Fro stellen, ob ee sech net hätt kënnen iwwerleeë fir deene puer Leit, déi aus der Marque nationale kommen, wéi dat jo bei aneren de Fall war, de Statut vum Fonctionnaire ze ginn. Ech sinn iwwerzeecht, dass d'Betriebsklima doduerch net schlechter gi wär.

Fir déi verschidde Missioune vum Institut besser ze cibléieren, ass d'Zuel vun de Sektiounen am Institut vergréissert ginn, wéi de Rapporteur dat och scho gesot huet, wat menger Meenung no zu enger méi kloerer Strukturatioun bäidréit. Esou wäert an Zukunft eng Sektioun fir d'Viticulture, eng Sektioun fir d'Oenologie an d'Vinificatioun, fir d'Kontroll vun de Wäiner an den nationalen an internationale Produkter, eng Sektioun fir d'Relations extérieures an de Marché commun, a schliesslech eng Sektioun vun der Marque nationale du vin, des vins mousseux et des crémants de Luxembourg geschafe ginn.

Déi nei Struktur soll et dann erlaben, dass d'Wënzer an hire Produktiounen nach méi ënnerstëtzt ginn, andeems hinne Produktiounsmethoden no bruecht ginn, déi nach méi den Ëmweltkritäre Rechnung droen an och eis Natur an hir Landschaft besser schütze kënnen. Et ass genau dat wat d'Produktioun vu Qualitéitswäiner ausmécht a wat um communautairë Plang a bei eis zu Lëtzebuerg ugestrieft soll ginn.

Dat ass et och wat et erlabe soll, fir eis Wäiner vun deene Wäiner, déi aus Südamerika, Südafrika an esou weider kommen, kloer ze ënnerscheeden, an dat duerch dat eenzeg Argument wat beim Wäin zielt: Rapport qualité-prix, bei deem déi hallef oder souguer ganz industriell hiergestallte Wäiner de Kierzeren zéien an an de Regaler vun de Supermarchéë leie bleiwen, wou se eigentlech och higehéieren.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass vu grousser Wichtegkeet, an do sinn ech och d'accord mat der Chambre d'Agriculture, dass den IVV eng maassgeblech Roll spillt, fir eng optimal Exploitatioun vun eise Wäiner an hirem Terroir unzestriewen. Et ass effektiv wichteg Buedemprouwen ze maachen, nei Riefzorten esouwéi nei Methode vum Ubau auszekundschaften. D'Konscht läit dodra fir Drauwenzorten ze hunn, déi en héich qualitative Wäin erginn an déi d'Caractéristiquë vun eisem Terroir ënnersträichen.

Et läit natierlech dann och no fir mat auslännesche Centres de recherche zesummen ze schaffen, fir dann déi nei Erkenntnisser bei eis uwennen ze kënnen. Well et fir een eenzelnen net finanziell machbar ass, soll ee sech dofir och net scheie fir déi Flächen, déi dem IVV zur Verfügung stinn, ze notzen, fir Versich duerch ze zéien, wat jo och säit jeeher gemaach gëtt.

Selbstverständlech ass a bleift eng vun den Haaptmissioune vum Institut viti-vinicole dem Wënzer beim Wäibau mat Rot an Dot zur Säit ze stoen. Gläichzäiteg mussen och den Erausfuerderungen, déi sech um Niveau vun der Ëmwelt stellen, Suerg gedroe ginn.

Ech menge behaapten ze kënnen, dass déi Pisten, déi ech elo opgezeechent hunn, och déi jonk Wënzer interesséieren a virun allem motivéieren, hirem haarden awer schéinen Handwierk nozegoen. Si ginn net eleng gelooss, wa se no neie Weeër sichen, fir en héich qualitative Wäin ze produzéieren.

Den IVV ass bekannt fir seng Fachkenntnis a fir déi engagéiert Leit, déi do schaffen. D'Zesummeschaffen tëschent de Wënzer an de Spezialiste vum IVV ka menger Meenung no nëmme positiv sinn, fir dem Lëtzebuerger Wäin an Europa an am Rescht vun der Welt déi Plaz ze verschafen, déi e sécherlech verdéngt.

Här President, ech wëll zum Ofschloss nach zwou Saachen ënnersträichen.

Éischtens: Et ass a bleift, dass de Lëtzebuerger Wäin e Gesamtkonzept brauch, wat vun der Produktioun iwwert d'Promotioun bis hin zum Verkaf geet.

Zweetens: Mir mussen e Gesamtprodukt ubidden, wat aus dräi Komponente besteet: der Regioun, hirem Wäin an hirer Gastronomie.

Et ass genau bei deenen zwee Punkten, wou den Institut viti-vinicole eng ganz wichteg Roll spillt. Dofir ass dat hei, an do sinn ech net d'accord mat mengem Virriedner, e wichtege Projet de loi, och fir Leit déi kee Wäin drénken, oder wou keng Wéngerte wuessen, Här Scheuer.

***(Interruption)***

Dir hutt geschwat, wéi wann Dir géingt eppes dervu kennen.

***(Hilarité)***

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Neen. Dir wäert dach net u menge Kompetenzen am Wäindrénken zweifelen?

M. Jeannot Belling *(DP).*- Här President, ech huele meng Wierder un de Bacchusbrouder Jos Scheuer zréck.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well mir fannen, dass dee Projet de loi hei ganz gutt ass,a mäi Fraktiounschef huet zu mer gesot, ech soll mat Houfert soen, dass meng Fraktioun dëse Projet de loi total dréit. Weider soen ech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Belling. Als nächste Riedner huet den Här Mehlen d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, wann de Lëtzebuerger Wäibau esou zolidd gestäipt gëtt, da kann am Fong geholl net vill schif goen. Trotzdeem wëll ech mer erlaben e puer Wuert zu dësem Projet ze soen.

Am Rapport gëtt gesot, a mat Recht, dass d'Missiounen an d'Strukture vum Institut viti-vinicole haaptsächlech vun dësem Projet betraff sinn. Genau dat, Här President, ass och den Objet vun der Etüd Pricewaterhouse gewiescht, iwwert déi mer scho méi wéi eng Kéier hei geschwat hunn, iwwert déi ech virun engem gudde Joer, aner hallwem Joer eng Interpellatioun hei hat, déi relativ ergebnislos ausgaangen ass, oder wann een dat Resultat, wat mir elo virun eis leien hunn, als Resultat vun där Interpellatioun gesäit, dann ass et relativ e moert Resultat. Et kéint een dat zesumme faassen am Saz: „Und der Berg gebar eine Maus". Et huet ee wierklech d'Impressioun, dass d'Regierung Angscht virun hirem eegene Courage huet.

De Kolleeg Scheuer huet schonn hei a mat Recht drop higewisen, dass de Conseil d'Etat net mat Kritik gespuert huet, an ech kommen och net derlaanscht e puer Sätz vum Conseil d'Etat ze zitéieren, fir dat ze ënnermaueren.

***(Interruption)***

Dat hei ass net just datselwecht. „Le Conseil d'Etat regrette que cette importante étude pour le secteur viticole luxembourgeois n'ait pas eu d'autre écho dans le projet sous examen. En effet, l'analyse critique effectuée de l'organisation et du fonctionnement actuels de la viticulture sur les plans professionnel et administratif a conduit à la proposition de réorganiser en profondeur les structures interprofessionnelles et de redéfinir le rôle de l'Institut. Il faut déplorer que l'exposé des motifs omette de commenter autrement cette étude, et présente sans autre lien avec celle-ci un projet de réaménagement partiel du cadre de l'Institut viti-vinicole."

Dee Saz duerno huet den Här Scheuer schonn zitéiert. Dofir wëll ech Iech deen dann erspueren.

Här President, ech kommen dofir net derlaanscht fir mech där Kritik unzeschléissen. Mir musse feststellen, datt d'Haaptursaach vun dësem Projet de loi dra läit, datt de Fonds viticole e Finanzéierungsproblem huet, deen an eiser Gesetzgebung verankert ass, a wou d'Noutwendegkeet besteet datt mer méi Suen an dee Fong kréien, fir datt d'Participatioun vum Stat och kann eropgoen. Dofir huet d'Regierung, andeem se laang nogeduecht hat, eng Léisung fonnt, an zwar déi fir dann d'Personal, wou keen eppes dogéint huet, vun der Marque nationale dohinner ze huele wou et higehéiert, nämlech bei de Stat, an dat Geld wat erakomm ass, wat bis elo gréisstendeels zur Finanzéierung vun der Marque nationale gebraucht ginn ass, wat iwwert d'Colleretten erakoum, dann elo kënnen an de Fonds de Solidarité viticole ze iwwerhuelen, fir domadder d'Promotioun ze finanzéieren.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Eng gutt Iddi, Här Mehlen, oder net? Et kann net jiddereen dorop kommen!

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Wann Der dat esou agencéiert hutt, dann ass dat emol een Ëmwee gewiescht fir dee Problem deelweis ze léisen. Mir als ADR hätten natierlech léiwer gehat, wéi ech et och schonn a menger Interpellatioun gesot hunn, wann eng grëndlech Strukturreform komm wär, wéi Pricewaterhouse se virgezeechent hat.

Et gëtt sech elo ëmmer op den Echec beruff, deen am Ënnere vun de Wënzerorganisatioune stattfonnt huet, wou si sech net eens gi sinn. Si si sech ganz sécher net oneens driwwer gewiescht, datt ee misst eng gemeinsam Approche hu fir Marketing ze maachen, datt mer eis Efforten an deem Secteur och misste verstäerken.

Mir wëssen datt d'Problemer op engem anere Gebitt louchen, Här Minister, an Dir kennt och meng Attitüd dozou. Et kann een natierlech soen, gitt Iech eens, a wann Der Iech net eens gitt, dann intervenéieren ech, an da kucke mer datt mer iergendwéi dann awer eng Solutioun fannen, wéi mer se elo fonnt hunn. Et kann een awer och soen, neen, kommt mir maachen Neel mat Käpp. Mir schafe wierklech e gesetzlechen a reglementaresche Kader, fir datt et funktionéiere muss. An Dir wësst ganz genee, ech hunn dat och schonn op anere Plaze gesot, mir haten an der Landwirtschaft viru Joren eng Situatioun déi vill méi schlëmm war wéi déi, déi mer elo op der Musel hunn, déi Antagonismen tëschent verschiddenen Organisatiounen an der Landwirtschaft, wou och jidderee gesot huet, dat do ka sengerliewen näischt ginn, bis datt d'Regierung op eng Kéier de Courage hat, an deemools hat se de Courage, fir ze soen, da maache mer elo eng Chambre d'Agriculture, déi zënter dem leschte Krich net méi funktionéiert huet, dat heescht, déi der Bauerenzentral deemools iwwerdroe war, und man siehe und staune, et huet geklappt.

Effektiv, de Wieler huet geschwat. Déi Leit, déi an d'Chambre d'Agriculture gewielt gi sinn, ware forcéiert sech an deem Kader, deen de Gesetzgeber geschaaft hat, zesummen ze setzen an zesummen ze schaffen, a se schaffen och haut nach zesummen, a se wäerten och

an Zukunft nach zesumme schaffen.

Esou hätt een et och hei menger Meenung no kënnen ugoen, well et ass jo net datt déi Leit elo absolut net matenee kënnten, dat beweise se jo och elo. Mä effektiv hätt d'Regierung missen e reglementaresche Kader, e gesetzleche Kader schafen, fir datt et hätt kënne funktionéieren. Dat ass den Haaptreproche, dee mir an dësem Zesummenhank maachen.

Ech wollt dann op e puer Aspekter vum Gesetz agoen. Wann een elo kuckt wat d'Missioune sinn, déi jo e bësselchen ausgeweit si ginn, da fanne mer, an do huet de Statsrot och eng Remarque dozou gemaach, ob dat noutwendeg wär: „de fournir aux viticulteurs des plants et greffons de vignes sélectionnées". Et gëtt eng ganz Partie Wënzer déi soen, dat wär net néideg, si kënnte sech déi selbstverständlech anerwäerts verschafen a si géingen dat och maachen.

Ech hat gefrot fir den Institut emol eng Kéier besichen ze goen, fir datt mer wierklech an der Praxis geséiche wat do geschafft gëtt, wat sënnvoll wär, well wann ee schonns esou eng Reform mécht, da géing ech mengen, da sollt ee wierklech déi och am Fong maachen an och dat vun ënnen erop opschaffen.

Elo solle mer dann, wann d'Gesetz gestëmmt ass, dohinner kucke goen. Ech appréciéieren dat an ech freë mech och op déi Visite.

***(Interruption)***

Dann ass dat dann als Préparatioun op déi nächst Reform vläicht ze verstoen.

Dat zweet, doriwwer kann een diskutéieren: „d'orienter, d'organiser et de surveiller la lutte rationnelle contre les ennemis de la vigne du règne animal et végétal". Ech weess net ob d'Organisatioun vun där Lutte onbedéngt misst an der Missioun vum Institut viti-vinicole leien, well dat jo awer meeschtens an den Hänn vun de Wënzer läit, a wou jo unzehuelen ass, datt si et um genosseschaftleche Gebitt bis elo gutt fäerdeg bruecht hu fir dat ze organiséieren. Dat soll orientéiert ginn an dat soll surveilléiert ginn, do hunn ech kee Problem domat.

An dann nach: „d'assurer l'exploitation des vignobles de démonstration". Do ginn d'Meenungen, esou wäit wéi ech et héieren hunn, an de Wënzerkreeser och auserneen. Dofir hätt et mech schonn interesséiert fir gewuer ze ginn, wat da genau do geschafft gëtt, wat Sënn mécht hei um Lëtzebuerger Territoire a wat mer eventuell besser kënnten a Kooperatioun, déi mer souwisou hunn, mat anere maachen, dat ëmmer virun Ae fir den Denier public esou effikass wéi méiglech anzesetzen. Do ka jo och keen, deem de Secteur um Häerz läit, eppes dergéint hunn.

Dann, an do sinn och meng Virriedner schonn drop agaangen, d'Cours de formation. Do huet de Statsrot drop higewisen, datt e bësselchen Duercherneen an deem Secteur ass, well jidderee fir sech reklaméiert där Coursen ze maachen. Ech hunn awer keng Schwieregkeet domat, well et ganz spezifesch ass, datt den Institut viti-vinicole doranner soll am Accord mam Ministère vun der Educatioun eppes ënnerhuelen, a selbstverständlech, denken ech, och an Ofstëmmung mat der Chambre d'Agriculture, déi eigentlech domat chargéiert ass, fir déi ganz Vulgarisatioun ze organiséieren.

An deem Zesummenhank wollt ech een Aspekt nach ervirsträichen, deen d'Chambre d'Agriculture och an hirem Avis ugesprach huet, an dat ass datt mer angesichts där internationaler Konkurrenz, déi jo extrem schaarf ass an déi eis onheemlech hei ze schafen deet, keng aner Chance hunn um fräie Maart wéi mat eisem Wäin, mat sengem onverwiesselbare Charakter, dat wat mer normalerweis ënnert Typicitéit verstinn, musse probéieren nees um Maart ze implantéieren, mat engem Produkt wat onverwiesselbar ass, wat de Client appréciéiert a wou en och net bereet ass oder net esou liicht bereet ass op en anert Produkt iwwerzegoen. D'Chambre d'Agriculture schreift: „Ce dispositif des appellations d'origine s'avère plus que jamais d'actualité pour répondre aux exigences des consommateurs. Or le fondement de l'édifice d'une appellation contrôlée est le terroir qui s'applique à tous les facteurs naturels d'une région viticole délimitée: le climat, la topographie, la nature du sol et du sous-sol subtilement combinés au savoir-faire du vigneron."

Ech mengen, et ass an der Zukunft wierklech eng vun den Haaptmissioune vum Institut fir do mat ze hëllefen, fir wierklech dat ze développéieren a fir de Lëtzebuerger Wäin, esouwuel hei am Land wéi och op den Auslandsmäert mat senger Typicitéit, déi effektiv onverwiesselbar ass an déi ee mat kengem aneren Terroir ronderëm an och méi wäit ka verwiesselen, fir deen Atout esou wäit wéi méiglech ze valoriséieren an auszespillen.

Här President, ech wëll net op déi Personalstrukturreform agoen. Meng Virriedner hunn dat gemaach, a mir kënnen dat matdroen, datt déi Leit vum Stat iwwerholl ginn. Mir sinn am Prinzip mat den Objektiver vum Gesetz d'accord, virun allem och well domadder deen ee Problem vun der Finanzéierung vun der Promotioun zum Deel geléist gëtt. Mir bedaueren awer, ech widderhuelen dat nach eng Kéier, datt hei e bësse kuerz getréppelt ginn ass, datt erëm eng Kéier verpasst ginn ass fir eng grouss kohärent Strukturreform, déi alles ëmfaasst hätt, bis hin zur Formatioun vum Consommateur, wat en immens wichtege Volet ass, datt erëm eng Kéier den Zuch verpasst ginn ass, datt mer, wann een an der Pricewaterhouse-Etüd kuckt wat fir eng Échéance do opgestallt gi war, dann hu mer e fierchterleche Retard kritt, erëm eng Kéier Zäitverloscht mussen a Kaf huelen. Zäit ass Geld, Här President, an dat Geld, dat verspille mer och dës Kéier erëm eng Kéier. Dofir, obscho mer mat den Dispositioune vum Gesetz d'accord sinn, muss ech soen, gesi mer eis leider genéidegt, eis bei dësem Projet ze enthalen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Domat wieren d'Interventioune vun deenen eenzelne Fraktionsspriecher ofgeschloss an ech géif der Regierung d'Wuert ginn. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen et besteet Eestëmmegkeet hei an der Chamber doriwwer, datt d'Produktioun vu Qualitéit, vun Typicitéit a Variétéit deen eenzeg richtege Wee ass fir de Lëtzebuerger Wäibau. An ech mengen et ass och unerkannt, datt eis Wënzer an de leschte Joren et net verfeelt hu fir Qualitéit ze produzéieren, souwuel bei de stëlle Wäiner wéi och beim Crémant, dee jo eng Erfollegsstory ginn ass, an datt och versicht ginn ass fir Nischeprodukter ze schafen, wéi de Pinot noir an och Vendanges tardives, Vin de paille, Vin de glace, Vins élevés en barrique, an alleguer dës Produkter kennen ouni Zweifel eng grouss Nofro. A wann hei scho vum Wäibauinstitut geschwat gëtt, esou muss een och deene Leit, déi zënter 25 Joer doranner geschafft hunn, merci soe fir déi Aarbecht déi se geleescht hunn, an dat am Déngscht vum Lëtzebuerger Wäibau, am Déngscht vun de Wënzer a Wënzerinnen. A wann dës Fortschrëtter gemaach gi sinn am Lëtzebuerger Wäibau, huet ouni Zweifel den Institut heiansdo dobäi eng Virreiderroll gespillt oder awer eng kräfteg Hëllefstellung geleescht.

De Wäibauinstitut huet am Laf vun der Zäit, an ech mengen et ass och schonn hei gesot ginn, nei Aufgabe kritt. En ass och ëmmer méi aus enger praktescher Hëllefstellung zu enger Administratioun ginn, an déi administrativ Aufgaben hu sech am Laf vun der Zäit ganz staark ausgeweit a sinn och méi grouss ginn. An dësen neie Projet de loi soll ebe versichen, déi heiteg Missiounen an Aufgabegebitter vum Institut ze definéieren an och eng Kaderreform ze maachen, déi et erméiglecht datt den Institut dësen neien Aufgaben, dësen neie Missioune ka gerecht ginn. Dofir gëtt versicht fir am Kader vun där Reform Posten, déi haut net méi den neie Missiounen an Aufgabe vum Institut gerecht ginn, net méi ze ersetzen, an datt dës Poste kompenséiert ginn duerch aner Carrièren, déi ebe wéi gesot deenen neien Aufgabe kënne besser gerecht ginn.

An den Text vum Gesetz, an et ass jo vum Rapporteur Nicolas Strotz, deem ech merci soe fir säin ausgezeechente Rapport, drop higewise ginn, datt de Personalkader hei méiglech flexibel gehale gëtt, datt an alle Carrièrë keng Begrenzung vun der Zuel vu Poste méi do ass, an datt am Kader vum Numerus clausus, wa Besoinen do sinn, kann also Personal opgestockt ginn, jee no Bedarf. Et sinn och verschidde Carrièren opgebessert gi wéi déi zum Beispill vum Assistant technique viticole, wou méi Fachwësse verlaangt ass, wou och méi héich Usprech un d'Formatioun sinn.

Déi administrativ Aarbechte vum Wäibauinstitut, ech hunn drop higewisen, si ganz staark gewuess, well eben ëmmer méi staark och d'Wäibaupolitik higaangen ass an d'Richtung vun der Nohaltegkeet, an d'Richtung vun der multifunktionneller Roll vun de Wënzer, déi also och niewent hirer Aarbecht oder duerch hir Aarbecht am Wéngert net nëmmen dozou bäihëllefen an och gudde Wäin kréien, mä och eis Landschaft erhalen an d'Liewen op der Musel méi vital gestalten.

Mir hunn also nei Primen agefouert, wéi d'Landschaftspflegeprime, besonnesch och an der Lescht fir ze versichen, fir dass besonnesch d'Häng an d'Steillage solle weider bewirtschaft ginn, dofir hu mer där Primen agefouert. Mir hunn d'Wënzer encouragéiert fir hir Wéngerten ëmzestrukturéieren, ze reconvertéieren. Dat ass mat Primë verbonne gi fir se ze encouragéieren, dat ze maachen.

De Kadaster an de Casier viticole ginn integréiert an de ganze Système intégré de contrôle et de gestion, sou datt, wéi an der Landwirtschaft, all Joer esou ëm den 1. Mee e Recensement duerchgefouert gëtt. Dës Donnéeë ginn dann no hirer Saisie an der Kontroll an den SER transferéiert a si deelen also d'Datebank fir sämtlech Primë fir d'Subsiden nom Kader vum Agrargesetz fir d'Berechnung vun de Cotisatioune bei de Sozialversécherungen, an déi nämlecht Donnéeën déngen och fir statistesch Zwecker op nationalem an op internationalem Plang, fir d'Berechnung vu Rendements à l'hectare a fir d'Kontroll vum Wäibauperimeter.

Dir gesidd also, duerch all déi doten Neierungen ass ouni Zweifel déi administrativ Aarbecht vun dem Wäibauinstitut méi grouss ginn, si wäert och nach weider ginn, an dofir ass et wéi gesot néideg, datt mer heiansdo Leit kréie fir déi Aarbechten do ze bewältegen an déi och déi néideg Formatiounen dofir hunn.

Wat d'Wäikontroll ubelaangt, do sinn och ouni Zweifel nei Aufgaben op den Institut zoukomm. Si mussen dofir suergen, datt déi inlännesch, awer och virun allem déi auslännesch Wäiner richteg etikettéiert sinn, datt d'Herkunftsbezeechnung och déi richteg ass. Et muss gekuckt ginn ob Réckstänn am Wäin sinn, déi gesondheetsschiedlech sinn oder net. Dat ass verlaangt am Kader vun de Bestëmmungen am Anhale vun der Sécurité alimentaire. Et gëtt gekuckt ob déi Wäiner, wa se ugerechent ginn, ob dat richteg gemaach gëtt. Den Traitement oenologique gëtt iwwerwaacht, an do ass wéi gesot eng Aufgab, déi ëmmer méi ausgepräegt ginn ass, an dat ass och vun deene Leit am IVV ze maachen.

Wat elo d'EU-Reglementéierung ubelaangt, wësst Der datt do och 2000 eng nei Direktiv komm ass, déi muss ëmgesat ginn an national Reglementer. Gott sei Dank, géif ech soen, well d'national Reglementer et erlaben eise spezifesche Gegebenheete méi staark Rechnung ze droen, mä och dat gëtt am Institut virbereet. Iwwerhaapt, d'Ëmsetzung an d'Kontroll vun EU-Réglementatiounen ass och ëmmer méi eng wichteg Aufgab vum IVV ginn.

Dann ass versicht gi fir, am Kader vun de Propositiounen, déi an der Pricewaterhouse-Etüd gemaach gi sinn, de Labo vum IVV komplett ze moderniséieren. Doduerch ass eng wichteg Viraussetzung geschaaft gi fir de Wënzer, fir kënnen am Kader vum Wäinausbau méi schnell Resultater ze liwweren, hinnen eng besser a méi effikass Berodung kënnen ze leeschten, an eleng beim Wäinausbau sinn am leschte Joer 15.109 Analyse fir d'Wënzer duerchgefouert ginn a Berodunge gemaach ginn. Bei dës Analyse kommen nach ronn 12.000 obligatoresch Analysen am Kader vun der Kontroll vum Moscht fir d'Ustellung an d'Marque nationale fir d'Presentatioun bei Concoursë fir Exportwäiner, an dofir gëtt och am Kader vun dësem Gesetz eng Persoun, déi elo iwwergangsméisseg als Ouvrière am Labo agestallt war, fonctionnariséiert an an d'Carrière vum Expéditionnaire technique iwwerholl.

Dir wësst och datt mer Efforte maache fir d'Accréditatioun vum Labo esou schnell wéi méiglech ze kréien. D'Viraarbechte sinn an d'Wee geleet ginn. Dat bréngt natierlech och zousätzlech Aarbecht am Labo, dat bréngt Dokumentatiounsaarbecht, déi virdrun net an deem Mooss virgeschriwwe war. Et kënnt all Joer en Audit dee gemaach gëtt. Also och do muss qualifizéiert Personal am Labo schaffen.

Da wäerten ouni Zweifel am Beräich vun neien Ubaumethoden, vun neien oenologesche Verfahren, am Beräich vun der Vermaarktung, och nei Aufgaben op den IVV zoukommen. Dir wësst datt am Kader vum OIV, fir dee jo d'lescht Woch den Accord vun der Chamber komm ass, do gëtt jo gekuckt wat fir nei Entwécklungen, wat fir eng Forschungsresultater weltwäit geschéien an dësen Domäner. Mir mussen dat kënne verfollegen, an dann och hei zu Lëtzebuerg probéiere fir ze kucken, a praktesche Versuchsaktivitéiten, nei Ubaumethoden, nei oenologesch Verfahren an eiser Regioun mat hire klimateschen, natierleche Bedéngungen auszeprobéieren. Hei geet et drëm fir an eisem Gebitt méiglech qualitativ héichwäertegt Drauwematerial, an och fir eist Gebitt gëeegent nei Drauwenzorten, zum Beispill och roude Wäin, produzéieren ze kënnen.

Och muss versicht gi beim Wäinausbau déi neisten önologesch Verfahren auszeprobéieren. Wéi gesot, do huet de Wäibauinstitut oft eng wichteg Virreiderroll ze spillen, fir ze kucken datt eis Wënzer déi néideg Berodung kréien, déi néideg spezifesch Schulung kréien, fir dëst och kënnen de Wënzer ze vermëttelen, an dat ass ee vun de Grënn wuerfir mer virgesinn hunn, datt am IVV soll en Önolog agestallt ginn. Deen Önolog ass natierlech net nëmmen do fir Wäinausbauversucher am Keller ze maachen, mä dee muss och, wéi dat vun der Chambre d'Agriculture jo gefrot ginn ass, de Wënzer am Wéngert beroden, well mer jo alleguerte wëssen, dass d'Qualitéit vun eisem Wäin am Wéngert ugeet.

Da sinn an der leschter Zäit ganz vill Efforte gemaach gi fir méi ëmweltfrëndlech Ubaumethoden ze förderen, an och do ass d'Berodung, d'Weiderbildung vun de Wënzer wichteg. Dat ass och weiderhin eng Aufgab vun dem IVV.

Dann huet den Här Scheuer geschwat iwwert déi ekonomesch Berodung vun eise Wënzer.

***(Interruption)***

Bis elo net, neen?

Do sinn zwee Servicer, d'Agrigestion an de Service d'économie rurale, déi maachen d'Kontabilitéiten, an et ass ganz evident dass de Wäibauinstitut mat dëse Servicer soll enk zesummeschaffen, fir d'Resultater vun der Buchführung a puncto Akommes genee ze analyséieren, an och ze kucken doraus déi richteg Schléss ze zéien an de Wënzer Berodungen ze ginn. Menger Meenung no ass et e Problem, dass mer iwwert d'Präisser vun de Wäiprodukter et ëmmer méi schwéier kréie fir méi en héicht Akommes de Wënzer ze assuréieren. Dofir muss ee kucken an enger déifgräifender Käschtenanalys an de Buchführungsbetriber, wou sinn nach eventuell verstoppten Akommesreserven a wat kann ee maachen, fir iwwert dës verstoppten Akommesreserven awer d'Akommes vun de Wënzer ze verbesseren. Ech mengen do ass eng Berodung ouni Zweifel wichteg. Do muss, an dat wëll ech ënnersträichen, den IVV mat der Agrigestion a mat dem Service d'économie rurale enk zesummeschaffen.

Wat d'Marque nationale ubelaangt, vun där jo hei méi oft geschwat ginn ass, mengen ech wësse mer och alleguerten, dass do de Wäibauinstitut ëmmer eng ganz wichteg Aufgab a Roll ze iwwerhuelen hat. Den Direkter vum Wäibauinstitut war ëmmer de President vun der Marque nationale. Hien ass dobäi assistéiert gi vun dem Wäikontroller. Am Labo vum Institut ginn déi virgeschriwwen Analyse fir d'Wäiner gemaach an den Institut waacht doriwwer, dass déi gesetzlech Virschrëfte vun der Marque nationale och agehale ginn.

Well also den IVV esou eng wichteg Aufgab an deem Kader ze spillen huet, ass et net anormal, dass och d'Personal vun der Marque nationale ganz vum Stat iwwerholl gëtt, wéi dat hei iwwregens och bei anere Produkter beim Label vun der Marque nationale de Fall ass. Den Här Scheuer, ech mengen och den Här Belling, hunn d'Fro gestallt, ob een net hätt kënnen déi Leit fonctionnariséieren.

Ech wëll just soen, dass dat net gescheitert ass, an ech hunn lech dat och an der Kommissioun gesot gehat, un dem Agrar- a Wäibauminister. An eisem éischten Avantprojet hate mer dat virgesinn, mä d'Regierung huet gesot déi Fonctionnarisatioun wär net an deem Mooss méiglech. Ech mengen, ech hat der Kommissioun dat d'ailleurs och schonn eng Kéier matgedeelt.

M. le Président.- Här Minister, ech wollt lech och nach eng Kéier op d'Riedezäit hiweisen, déi mir eis gesat hunn.

***(Interruptions)***

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Entschëllegt, Här President.

Et ass och drop higewise ginn, dass duerch klug Iwwerleeungen déi Suen, déi agespuert gi bei der

Marque nationale, andeem dass mer d'Personal vum Stat iwwerhuelen, dass déi kënnen eriwwergoen an de Fonds de solidarité fir Werbe- a fir Marketingzwecker, ouni dass dobäi fir de Produzent de Präis vun der Collerette méi deier gëtt. Do kommen also méi Sue fir Werbung a Promotioun fir de Lëtzebuerger Wäin ze maachen an der neier Commission de promotions dobäi fir d'Lëtzebuerger Wäiner a Crémanten.

An der Marque nationale sinn iwwregens, dat wëll ech och deene Leit soen, déi maache wéi wann näischt geschitt wär, sécher Reformen duerchgefouert ginn. Ech mengen, Dir wësst dat alleguerten. Mir hu schonn hei doriwwer geschwat. Et steet effektiv eng grouss Reform vun der Marque nationale nach an d'Haus. Ech hunn ëmmer gesot, dass et mäin Zil wär fir d'Reform vun der Marque nationale nach weiderzefëieren, an datt niewent den analyteschen an organolepteschen Tester och zousätzlech Kritäre missten agefouert gi fir gewësse Mentiounen.

Mä fir dëst awer kënnen ze maache muss een eng Rei vu Viraarbechte maachen a vu relativ wäitgehenden Etüden an Analysen, wéi zum Beispill d'Warenklassifizierung, wéi zum Beispill den Terroir analyséieren. An hei muss een iwwer méi Jore mikroklimatesch déi natierlech Bedingunge vum Terroir observéieren, analyséieren, dat jährlecht Mostgewicht vun den Drauwe muss festgehale ginn, d'Ofgrenzung vun de Lieuditë muss gemaach ginn an d'Expositioun vum Wéngert huet eng wichteg Bedeitung. A wann dës Analysen eng Kéier fäerdeg sinn, da kann een déi zweet Etapp vun der Reform entaméieren.

Wéi gesot, mir sinn um Wee fir dat weiderzefëieren. De Problem vun der Salle de dégustation ass hei net ugeschwat ginn. Do hu mer mat dem Bauteministère en neie Projet versicht an d'Weeër ze leeden.

Da wëll ech nach vläicht zwou Minutten hunn, Här President.

***(Brouhaha général)***

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Bei deem Minister, soen ech nach eng Kéier, ass et sinnloses Unterfangen…

M. le Président.- Loosst den Här Minister elo nach déi zwou Minutte schwätzen!

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- D'Riedezäit gëtt festgeluecht vun der Conférence des Présidents. Déi hu kee Verhältnis zu dësem Projet gehat.

M. le Président.- Här Scheuer, kommt mir loossen den Här Minister elo nach schwätzen.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Also, ech hätt mech jo konzentréiere kënnen op dat wat am Projet steet, mä vu dass awer eng Partie Leit gesot hunn do wär net esou vill geschitt, a vun der Marque nationale geschwat hunn, vun der Pricewaterhouse-Etüd, dunn hunn ech gemengt misst ech awer och e puer Wuert doriwwer soen.

Den Här Scheuer huet sech widdersprach, dat wëll ech nach eng Kéier soen.

***(Brouhaha général)***

An den Här Mehlen mécht dat permanent. Op déi eng Manéier kritiséiere se ëmmer, dass déi Pricewaterhouse-Etüd misst komplett ëmgesat ginn. Op déi aner Manéier hätte se gären, dass de Wäibauinstitut och soll verstäerkt ginn. Béides geet net matenaner, well d'Pricewaterhouse-Etüd hätt gären, dass e groussen Deel vun den Aufgabe vum Wäibauinstitut sollte vum Beruff gemaach ginn. Ech hu probéiert fir dat vu Beruffsdeeler maachen ze loossen, dat ass awer net méiglech gewiescht, well de Beruff sech net do zesummefonnt huet, fir déi Aufgab kënnen ze maachen.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Dofir hu mer gemengt, dass et emol wichteg wär de Wäibauinstitut ze stäerken, fir dass dee seng Missioune ka besser ausüben. Dat ass de Sënn an den Zweck vun dësem Gesetz. A wann Dir vun engem Gesamtkonzept schwätzt, da muss een emol soen, wat ass dann dat. Da muss een d'Produktioun kucken, ob déi verbessert ginn ass. Ech hunn am Ufank drop higewisen, datt vill Efforte gemaach gi si fir d'Produktioun ze verbesseren, dass d'Agrargesetz, fir d'Produktioun ze verbesseren, dat ënnerstëtzt a stäipt. Dofir ass d'Agrargesetz do. Dofir ass net d'Gesetz iwwert den IVV do. D'Agrargesetz hëlleft d'Produktioun ze verbesseren.

Une voix.- Den IVL.

Une autre voix.- Den IVV.

***(Hilarité)***

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Wat d'Personal ubelaangt, esou hu mer eng Rei vun deene Propositioune vun der Pricewaterhouse-Etüd ëmgesat, anerer si mer amgaangen ëmzesetzen. Dat verlaangt awer Etüden. Do gi mer also an déi Richtung.

Am drëtte Beräich, wat de Marketing ubelaangt, hunn ech mat vill Efforten d'Wënzer iwwerzeegt, fir op d'mannst déi Commission de propagande do ze maachen. Do ass eng Expertin agestallt ginn. Ech hoffen, dass do dann och eng besser gemeinsam Promotioun gemaach gëtt. Si hunn och vill méi Suen zur Verfügung gestallt kritt fir déi Promotioun do ze maachen. Also ech ginn där Propositiounskommissioun eng gutt Chance, de Marketing vum Lëtzebuerger Wäin…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Den Här Minister wëllt elo Schluss maachen, mä Dir loosst en net. Dir schwätzt an engem Stéck dertëschent.

***(Hilarité et brouhaha général)***

Dir hutt dauernd dertëschent geschwat.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- …am Inland an am Ausland ze verbesseren. Ech si gudder Déng, dass den IVV dobäi wesentlech hëllefe kann. Ech sinn iwwerzeegt, dass dat heiten e gudde Projet ass, an ech hätt gehofft et géif jiddfereen e stëmmen. Ech bedaueren, dass den Här Scheuer, ech weess net aus wat fir enge Grënn, an den Här Mehlen en net kënne mat droen.

Merci.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- An Ärer Zäit, déi mer lech geschenkt hunn, maacht Der dem Här Scheuer nach Frechheeten.

***(Hilarité)***

Dat geet net.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5003 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 9 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5003.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5003 ass mat 34 Jo-Stëmmen an 23 Enthalungen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Marco Schank), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Jeannot Belling), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean Asselborn), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Aly Jaerling et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mer kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5115 iwwert d'Beneluxgesetz vun de Marken. Et si schonn ageschriwwen: d'Madame Delvaux-Stehres an den Här Greisen. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här John Schummer.

## 4. 5115 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux en matière de dessins ou modèles, signé à Bruxelles, le 20 juin 2002

***Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports***

M. John Schummer *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet 5115 handelt et sech ëm d'Approbatioun vum Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux en matière de dessins ou modèles, deen zu Bréissel den 20. Juni 2002 ënnerschriwwe ginn ass.

De Projet ass hei an der Chamber de 4. Abrëll 2003 déposéiert ginn. Den 21. Mäerz 2003 ass de Projet dem Conseil d'Etat virgeluecht ginn, an deeselwechte Conseil d'Etat huet säin Avis den 3. Juni 2003 ginn a war och mat deem Projet esou d'accord.

Den 2. Juni 2003 huet d'Kommissioun mech als Rapporteur genannt an ech ka virausgräifen a soen, dass de Rapport eestëmmeg vun der Kommissioun ugeholl ginn ass.

Et geet an dësem Projet drëm d'Direktiv 98/71CE vum 13. Oktober 1998 an eis national Législatioun ze iwwerhuelen. Heimat ginn déi national Législatiounen, déi oft ganz ënnerschiddlech waren, harmoniséiert. Et gëtt och den Titel: „Le dessin ou modèle communautaire" ageféiert, deen den europäesche Créateuren et méi einfach maache soll, fir Designer iwwert déi national Grenzen eraus europäesch ze schützen.

D'Kritären, déi zréckbehale goufen, sinn d'Nouveautéit an de Caractère individuel. D'maximal Durée vun der Protektioun ass op 25 Joer eropgesat gi vum Dépôt vum Projet un.

Et muss ee soen, dass bis elo wéineg Designer déposéiert sinn. Wann och d'Haaptinteressenten aus der Textilbranche, der Miwwelbranche, der Bijouxbranche an der Branche vun diversen dekorativen Objetë kommen, esou war et awer d'Automobilsbranche komescherweis, déi d'Diskussioune largement dominéiert huet. Effektiv hat d'Kommissioun Angscht, dass d'Constructeurs automobiles déi nei europäesch Législatioun géife monopoliséiere fir hir Ersatzstécker ze enregistréieren an esou dee Marché praktesch ze blockéieren.

No véier Joer penibeler Diskussioun, ouni dass e Resultat eraus komm ass, ass décidéiert ginn, net op den Automobilersatzstécker ze harmoniséieren, mä den eenzelne Länner eng gewësse Libertéit an där Matière ze iwwerloossen. Dëse Kompromëss gëtt 2004 nach eng Kéier réévaluéiert. Weider Adaptatioune sinn d'Exklusioun vum Cumul de protection par la LBDM, an d'Protection contre la concurrence déloyale a été supprimée.

Zum Gesetz, wat mer den 19. Juni 2003 hei an der Chamber gestëmmt hunn, d'Modification de la loi uniforme Benelux, ass e Regëster vun de Mandataires agréés agefouert ginn. Vu dass awer nach relativ Schwieregkeete si fir d'Formatioun an d'Exame vun de Kandidaten, ass décidéiert ginn, dass de Règlement d'exécution eréischt a Kraaft kann trieden, wann eng Infrastructure adéquate en place ass.

Voilà, Här President, kuerz de Rapport zu dësem Projet. Ech brénge gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun. Wann ee gäre méi Detailer hätt, verweisen ech op de schréftleche Rapport.

Merci.

M. le Président.- Här Clement, Dir hutt d'Wuert gefrot.

***Discussion générale***

M. Lucien Clement *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt just merci soe fir de schréftleche Rapport an den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP).*- Här President, dëse Projet ass ganz schnell duerch d'Institutioune gaangen a mir wëllen de Vote och net ophalen. D'LSAP gëtt hiren Accord zu dësem Gesetz.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Greisen.

M. Fernand Greisen *(ADR).*- Här President, och vun eiser Säit aus e Merci un all déi Leit, déi un deem Projet geschafft hunn. Et ass e rapide Projet. Ech bréngen den Accord vun der Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.*- Här President, well bei deem Projet virdrun iwwerzu gi war, well ech lech Zäit zréck schenken.

Ech soen all deene merci, déi intervenéiert sinn, an hoffen dass dëst Gesetz wäert d'Unanimitéit maachen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 5115 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5115.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5115 ass mat 56 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Marco Schank), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Marie-Josée Frank), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5143 iwwert den nationale Beschäftegungsplang. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Lux, Krieps, Jaerling, Urbany a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener.

## 5. 5143 - Projet de loi portant modification des articles XXIV et XXX de la loi modifiée du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998

***Rapport de la Commission spéciale „Plan d'action national en faveur de l'emploi"***

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, nodeem Der jo d'Méiglechkeet hat mäi schréftleche Rapport am Detail ze liesen, kann ech mech relativ kuerz faasse fir verschidde Saachen nach ze erläuteren, déi vläicht net esou kloer

aus dem schréftleche Rapport erviirginn.

Eng vun den Haaptaufgaben, mir wëssen dat vun der Spezialkommissioun, sinn d'Aarbechte vun der Tripartite ze begleeden an um Ofschloss vun der Tripartite, no Accord oder net, déi noutwendeg a sech opdrängend politesch Entscheedungen an der Chamber ze treffen.

Dat huet konkret ugefaangen 1990, wéi mer hei an der Chamber déi vill gewënschten Orientéierungsdebatt iwwert den Emploi haten, wou mer eng ganz Rei vu Propositioune gemaach hunn. Dat war ier den europäesche Sozialsommet hei zu Lëtzebuerg war. Duerno waren dann déi Tripartitesverhandlungen, déi sech laang higezunn hunn, awer zu engem Accord fonnt hunn an agemünt sinn an e Projet de loi 1998, deen an der Spezialkommissioun, déi do an d'Liewe geruff gouf, zu laangen Diskussiounen Ulass ginn huet. Et war u sech dat de Moment, wou ee gesinn huet a wellecher Form e Parlament kann déi Tripartite begleeden an d'Responsabilitéit politesch iwwerhuele par rapport zu deem wat ofgemaach gouf oder och manner kloer ofgemaach gouf tëschent de Sozialpartner an der Regierung.

Mir hunn um Anschluss vun deenen Débaten a vun dem PAN-Gesetz 1999 eng Motioun hei an der Chamber praktesch eestëmmeg verabschiet, well mer gesot hunn, datt d' Parlament och an der Zukunft de Wonsch zum Ausdrock bréngt, mat agebonnen ze ginn an d'Diskussioune vun der Tripartite, ouni awer d'Responsabilitéit ze iwwerhuelen, déi d'Sozialpartner mat der Regierung an der Tripartite ze iwwerhuelen hunn, mä wou mer awer eis mussen a Kenntnis dovunner setze wéi déi Diskussioune lafen. An deem zur Folleg huet och d'Regierung déi Motioun akzeptéiert an den Aarbechstminister, deen 1999 d'Funktionen iwwerholl huet, war regelméisseg virun der Tripartite, während der Tripartite an no der Tripartite Gaascht, an net nëmme Gaascht, mä en huet kollaboréiert an der Spezialkommissioun, wat eis dann och à même gesat huet eng gutt Aarbecht ze maachen, no deene monumentalen Aarbechten, déi mer gemaach hunn, déi zum Tripartitesgesetz vun 1999 gefouert hunn.

Eng éischt Revisioun vum Tripartitesgesetz hu mer no Accorden, déi getraff gi sinn an der Tripartite, hei an der Chamber diskutéiert an déi éischt Revisioun war den 8. Mäerz 2002, wou eng Rei Klorheete geschafe gi sinn, eng Rei Konklusioune gezu gi si par rapport zu deem wat 1999 ofgemaach ass ginn a wat net esou an der Realitéit funktionéiert huet.

Ech mengen, mir hunn och hei am Parlament eng gutt Aarbecht gemaach an et ass do zu enger neier Tripartitesronn komm, déi débutéiert huet de 26. Mäerz 2003 an ech wëll elo net déi Berodunge vun der Tripartite bewäerten. Ech wëll mech och net ausloossen driwwer, ob do vläicht méi diskutéiert ass ginn a manner décidéiert ass ginn oder ob et de Contraire war, mä et war esou datt effektiv mer à tout moment informéiert waren an och der Regierung eng Rei vun Ustéiss ginn hu fir hir Positioun an deenen Tripartitessitzungen zum Ausdrock ze bréngen. Dat war de 26. Mäerz, den 22. Abrëll, an d'Tripartite huet de 5. Mee 2003 ofgeschloss.

Festzehale bleift, an ech mengen dat musse mer eis ëmmer virun Aen halen, datt eng ganz Rei vu wichtege Bestëmmungen, déi am Tripartitesgesetz vum 12. Februar 1999 festgehale gi sinn, ausgelaf sinn oder auslafen den 31. Juli vun dësem Joer. Et ass drëm gaangen déi politesch Responsabilitéit hei ze iwwerhuelen, ob déi verschidde Moossnamen, déi auslafen den 31. Juli, a verännerter Form oder an der gläichlautender Form weider solle lafen oder net. Dat war also de groussen Challenge, deen och an dëser Tripartitesronn louch.

Mir musse wëssen, datt virun allem dann déi zum Auslafe kommen, déi wichteg sinn an e wesentleche Bestanddeel vum PAN-Gesetz beinhalten, notamment de Congé parental, virun allem awer och d'Interventioun vum Stat bei Betriber, déi Leit astellen, déi an deene Betriber ënnerrepresentéiert sinn, an zum anerem ass awer e wesentleche Punkt all déi Bestëmmungen ëm d'Aarbechtszäitorganisatioun wéi d'Referenzperioden, wéi de POT an esou weider.

D'Tripartite ass zur Konklusioun komm, datt opgrond vun de veränderten, wirtschaftleche Bedingungen, verbonne mat enger bedrohlecher Zounahm vun der Aarbechtslosegkeet, et net sënnvoll wier fir elo an dësem Moment eng grouss a laang ugeluechten Diskussioun ze féieren iwwer Reformen an der Aabechtszäitorganisatioun ënner anerem, mä virun allem emol ze waarden a sech emol Zäit ze loosse wéi a wellech Auswierkungen déi verännert wirtschaftlech an aarbechtsmaartpolitesch Situatioun hei zu Lëtzebuerg hunn a wéi wäit déi bestoend Moossnamen, déi 1999 an 2002 verbessert gi sinn, géife wierken an engem verännerte wirtschaftlechen Ëmfeld. An dofir war et gutt, géif ech soen, datt gesot ass ginn, datt fir d'éischt emol all déi auslafend Bestëmmungen, déi elo den 31. Juli zum Auslafe kommen, ouni wesentlech verännert ze ginn, nëmme sollten op onbestëmmten Zäit, respektiv an engem festgesatenen Zäitraum weiderlafen a weider fonctionnéieren.

Deem zur Folleg sollen eng Rei Moossnamen op onbestëmmten Zäit verlängert ginn, wéi de Congé parental. Aner Moossnamen, wat d'Aarbechtszäitorganisatioun betrëfft, soll ee sech eng Observatiounsperiod i ginn, déi den 31. Dezember 2006 ofleeft a wou da sollen opgrond vun Diskussiounen an der Tripartite nei legislativ Moossname getraff ginn, spéitstens fir den 31. Juli 2007.

Doriwwer eraus sinn awer eng ganz Rei weider Ännerungen zu de Bestëmmungen an de Projet mat agefloss, op déi ech elo am Detail net aginn, mä Dir fannt se a mengem schréftleche Rapport zur Genüge an am Detail erëm.

De Statsrot huet den 10. Juli säin Avis ginn. Dat war also déi lescht Woch en Donneschdeg, an de Statsrot huet zu Recht festgestallt a gesot, datt an Ermangelung vun den Avisë vun de Beruffschamberen, souwuel vun de Patronatsberuffschambere wéi vun de Salariatsberuffschamberen, mat Ausnahm vun engem Avis vun der Fonction publique, absolut keen Avis géif virleien, dach awer eng Rei wesentlech, an hirer Optik, Veränderungen zousätzlech zu deene Verlängerungsmoossnamen, déi musse getraff ginn, am Projet wieren an de Statsrot net à même war, an där kuerzer Zäit déi him zur Verfügung stoung, dat heescht e puer Deeg, fir en detailléierten Avis ze maachen an en huet gesot a proposéiert fir nëmmen an enger éischter Phas elo, well et noutwendeg a wichteg ass, déi Moossnamen, déi elo den 31. Juli oflafen, tel quel ze verlängeren, an da sech Zäit ze loossen, fir opgrond vun Avisen, déi d'Beruffschamberen awer mat Sécherheet erabréngen, a sous entendu datt mëttlerweil och d'Regierung e Reformprojet iwwert de Congé parental op den Instanzewee ginn huet, eng global Diskussioun kënnen ze féieren, fir dann d'Chamber och ze beroden. A wéi Recht de Statsrot mat deem Virschlag hat, erkläert d'Tatsaach, datt e Méindeg, nodeem mer schonn de Rapport vun eise Réunioune praktesch duerchdiskutéiert haten, mer eréischt en Avis kritt hu vun der Arbeiterkammer.

Mir hunn haut de Moien en Avis kritt vun der Chambre des Métiers zu deem Projet. A mir hu virun enger Stonn en Avis kritt vun der Chambre de Commerce zu deem Projet.

A wann de Statsrot net dat do gesot hätt, da wiere mer bestëmmt an der Kommissioun zur Konklusioun komm, well mer guer keen Avis vun enger Beruffschamber haten, wier et net sënnvoll gewiescht do fundamental weider Veränderungen duerchzezéien an Ermangelung vun Avisë vun deenen, déi et betrëfft an déi um Terrain d'Responsabilitéit fir d'Applikatioun vun deene Bestëmmungen ze droen hunn.

An dofir war et richteg a gutt, datt d'Kommissioun e Méindeg de Moien, nodeem mer den Avis vum Statsrot eréischt en Donneschdeg kritt hunn, sech dann och dem Statsrot ralliéiert huet an opgrond och vun deem well de Statsrot gesot huet, wa mer awer géifen an der Chamber de gesamte Projet zur Diskussioun stellen, en net kënnt eis d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ginn.

Bon, onofhängeg dovunner, si mer zur Konklusioun an der Kommissioun komm, fir eis an dëser Phas ze begnüge mat der Verlängerung vun deene Moossnamen, déi musse getraff ginn, well mer jo net an eis Responsabilitéit kënnen huelen, datt de Congé parental zum Beispill géif reduzéiert ginn op dräi Méint ab dem 1. August dëses Joers.

Esou war et scho richteg a gutt, menger Meenung no, an et ass och d'Majoritéit vun der Kommissioun déi zur där Konklusioun komm ass, fir sech elo domat ze begnügen, datt mer nëmmen déi Moossnamen, déi oflafen, weiderlafe loossen, ënnert deene Konditioune déi ech gesot hunn, an dann am Hierscht, nodeem de Statsrot en detailléierten Avis ginn huet opgrond vun den Avisë vun de Beruffschamberen, déi mer elo kennen, nach eng Kéier drop zréckkommen a gläichzäiteg dann och de Projet de loi iwwert de Congé parental op de Leescht huelen, fir dann do déi noutwendeg Décisiounen ze treffen.

Zum Congé parental wëll ech awer och nach soen, datt d'Kommissioun eestëmmeg zum Ausdrock bruecht huet, datt dee Projet dohinner soll kommen, dem Instanze vun der Chamber zougewise ginn, wou en u sech au début war an nach ëmmer war. Et ass duerch eng speziell Kommissioun komm a soss géif et séier wéineg Sënn maachen.

Kolleeginnen a Kolleegen, dat wollt ech bäifügen zu mengem schréftleche Rapport, deen och am Detail dat erëm gëtt wat d'Parlament während deene leschte Jore vun '99 un an deem ganzen Dossier do realiséiert huet. An ech wëll och ofschléissend all menge Kolleegen aus der Kommissioun merci soe fir déi prompt Mataarbecht, och d'Vertrieder, an de Minister fir déi vill Sitzungen déi mer haten am Virfeld vun e Méindeg, déi Bereetschaft fir eis à tout moment integral opzeklären iwwert dat wéi d'Diskussioune gelaf sinn an datt en och d'Méiglechkeet eis ginn huet fir eis Meenung ze soen, a welcher Form der Regierung hir Propositioune sollte mat op de Wee goen, fir matanzewierken an anzegräifen an déi Diskussioune vun der Tripartite. A leschtens Enns soen ech awer och dann dem Sekretär vun der Chamber a menge Mataarbechter merci, déi et fäerdeg bruecht hunn iwwert de Weekend praktesch dee Rapport, deen Der hutt, ze rédigéieren, ze schreiwen. Wéi gesot, den Avis hate mer vum Statsrot en Donneschden den Owend kritt. E Méinden de Moien hu mer missen iwwert dee Rapport hei diskutéiere fir haut kënnen hei an der Chamber kënnen dee Projet zur Ofstëmmung ze bréngen.

Ech géif am Numm vun der Spezialkommissioun Iech bieden dem Projet eng breet Zoustëmmung ze ginn a gläichzäiteg - selbstverständlech - bréngen ech och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu deem Projet de loi, deen d'PAN-Gesetz dann an deene wesentleche Bestëmmunge verlängert.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Lux agedroen. Den Här Lux huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Merci, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Statec huet virgëschter mengen ech seng Prognose virgeluecht fir déi nächst zwee Joer a kënnt dobäi zur Konklusioun, dass engersäits, wat e Bléck zréck ubelaangt géigeniwwer Enn 2001, mer eng Hausse vun der Aarbechtslosegkeet an dësem Land erlieft hu vu ronn 35%. E geet dovun aus, dass mer eréischt eng Trendwend wäerten erliewen Enn 2005 an tabléiert bis dohinner mat engem Accroissement vun der Aarbechtslosegkeet, dee wäert goe bis 6% vun der aktiver Bevölkerung, wat, wann een dat um Stand vun haut ëmrechent - wat net ganz richteg ass, mä awer ongeféier eppes erëmgëtt -, 11.986 Persounen ouni Aarbecht däerfte sinn. Wann een dovun ausgeet dass mer awer och an deenen nächsten zwee Joer eng liicht Zounahm wäerten erliewe vun der aktiver Bevölkerung, läit déi Zuel also éischter dodriwwer wéi dodrënner.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Wann een dovun ausgeet an deenen Zuelen déi mer elo just kritt hunn, och vun dem Lëtzebuerger aktuellen Aarbechtsmaart, an dodranner gesinn dass déi éischte Kéier mengen ech de Seuil vun 3.000 Persounen iwwerschratt ginn ass, déi an enger zäitlech befristeter, also och prekärer Beschäftegungsmoossnam dra sinn, nämlech genau 3.022 Enn des leschte Mount, da gesäit een also ongeféier wou eis reell Situatioun vu Chômage Enn 2005 kann higoen.

Wann een dat dote kombinéiert mat deem Abroch dee mer an deene leschten zwee Joer erlieft hunn um Niveau vun der ekonomescher Croissance, wann een dat kombinéiert forcément mat der Entwécklung vun den öffentleche Finanzen, deenen Zuele wat d'Kierperschaftssteier ubelaangt, wat d'Gewerbesteier ubelaangt, an domadder natierlech och d'Investitiounscapacitéit vun der gesamter öffentlecher Hand, da weess een dass virun dësem Hannergrond ee sech hätt misse vun där Tripartiteronn, déi vum Hierscht d'lescht Joer u getagt huet bis an d'Fréijoer vun dësem, e groussen, konkreten Aktiounsprogramm erwaarden, dee sech souwuel ofgespillt hätt um Niveau vun der Verbesserung vun eiser Compétitivitéit. An do wieren et vill Sujete ginn iwwert déi een hätt kënnen diskutéieren: d'Verbesserung vun der Grënnermentalitéit, de Konditioune fir ekonomesch aktiv kënnen ze ginn. Op där anerer Säit och d'Fro vum Ofbau vun der Bürokratie, vun de bürokrateschen Hindernisser, déi an deene leschte Joren éischter zougeholl hu wéi ofgeholl hunn. Et hätt een do kënnen diskutéieren iwwer nei Créneauen, déi ouni Zweifel och um Niveau vun der Prospectioun méi dynamesch hätte missen attackéiert ginn. An et hätt en dann op där anerer Säit och missen diskutéieren, och dat wat mer 1997, wéi mer deen éischten Débat an der Chamber hei haten am Zesummenhang mat deem deemolege Sommet iwwert den Emploi hei zu Lëtzebuerg, wat jo déi éischte Kéier war wou um Niveau vun der Europäescher Unioun e Sommet vun de Stats- a Regierungschefe stattfonnt huet, dee sech eleng mat där doter Problematik befaasst huet. Et hätt een also dann och missen iwwert de Begréff, deen den deemolegen Aarbechtsminister, heitege Statsminister, jo vill mat ronderëm geholl huet, dee vun der Flexsecurity, also der Fro ob mer et fäerdeg bréngen en Equiliber ze schafen tëschent op där enger Säit enger méi grousser Flexibiliséierung, déi haut an der Ekonomie néideg ass, an op där anerer Säit awer de Salariéen déi néideg Sécherheet och nach ginn.

Trotzdeem, oder leider misst ee soen, ass dës Tripartiteronn zu engem, an ech zitéieren aus de Kommentare vun zum Deel Partneren déi dobäi waren, non Event ginn, zu enger Nullronn ginn, an et si vill Analysen, et si Säiten a Säiten Analyse gemaach ginn an trotzdeem hu vill Journalisten engem am Laf vun deenen eenzelne Sëtzungen, déi do stattfonnt hunn, no der drëtter, véierter, fënnefter Ronn, wann déi Leit do eraus komm sinn aus der Tripartite, gesot, déi soen ëmmer datselwecht. An déi hunn och bis zum Schluss ëmmer datselwecht gesot an deementspriechend ass d'Fro natierlech och ze kucken, wat fir eng Grënn zu deem Resultat, dat mer haut dann diskutéieren, gefouert hunn.

Sécherlech ass de Blockage tëschent op där enger Säit den Arbeitgeber an de Gewerkschaften a verschiddene Froen an deene leschte Jore méi grouss ginn. Do sinn d'Divergencë méi grouss ginn, och opgrond vun enger méi ugespaantener Situatioun. An op där anerer Säit, a mir hunn dat schonn hei am Rahme vun der Diskussioun iwwert den Etat de la nation gesot, menge mer och dass de fehlende konkreten Input vu konkrete Virschléi vu Säite vun der Regierung dozou bäigedroen huet.

Nach am Etat de la nation huet de Statsminister vun enger Iddi geschwat, déi en an engem gewësse Moment öffentlech no bausse gedroen huet. Et war déi, an ech zitéieren en aus senger Ried zum Etat de la nation: „Well d'Aarbechtszäitverkierzung finanzéiere mer wa se Chômage ofbaut, no Verhandlungen déi den Aarbechstminister opgeholl huet, wahrscheinlech och wa se den Ofbau vun Aarbechtsplaze ka verhënneren."

Dat war déi eenzeg Moossnam op deem Gebitt iwwert déi diskutéiert ginn ass. Deemools huet de Generalsekretär vum LCGB mengen ech gesot, dass domadder net vill unzefänke wier, well dat wier och haut scho méiglech. Mir hu gesinn an der Press dass eng Bank, d'SEB, Skandinaviska Enskilda Banken - eng schwedesch Bank mengen ech, eng Privatbank -, en Accord fäerdeg bruecht huet fir Aarbechtszäitverkierzung ze maachen, ebe just fir ze verhënneren dass et zu Ofbau vun Aarbechtsplazen an hirem Betrib soll kommen.

An ech mengen dee ganze Malaise ass e bëssen och reproduzéiert an deem wat de Statsminister a senger Ried gesot huet, dass déi Tripartite do net innovéiert huet, mä heiansdo et och wichteg wier fir nëmmen ze konservéieren.

Wann e Blockage zum Standstill féiert, da muss ee sech eescht Gedanke maache wéi mer do erauskommen. An deen éischte Gedanken deen engem kënnt ass natierlech deen, dass d'Regierung an d'Majoritéit och hei an der Chamber hir Handlungsfäegkeet um Niveau vun deenen doten Themen awer net däerf verléieren.

D'Instrument Tripartite huet also gelidden. Keen hei am Land hält méi den Otem u wann déi Tripartiteronnen do ofgeschloss ginn, an ech hunn nach d'lescht Woch gelies wat e Patronatsvertrieder, den Här Norbert Geisen, President vun der Fédératioun vun den Artisanë gesot huet a sengem Editorial, dass aus dem Kriseninstrument vu soss « scheint ein sozialpolitescher Debatierclub geworden zu sein ». Dat ass natierlech eppes wat eis dann och eescht Suerge muss maachen.

Ech géif och soen, an ech versichen dat ganz subtil ze maachen, dass den Dialog tëschent der Chamber an där Tripartite par le biais vum Aarbechtsminister och gelidden huet. Net well ech dem Aarbechtsminister seng Méi, déi e sech gemaach huet an all deene Woche fir d'Chamber an d'Bild ze setzen iwwert d'Entwécklungen, iergendwéi wëllt a Fro stellen, am Géigendeel. Op där anerer Säit muss ech awer soen, mir ware virdru mat engem Aarbechtsminister gewinnt, deen huet zwar vis-à-vis vun der Chamber heiansdo granzeg Téin gehat, mä wann et drop ukommen ass, a mir hate jo där Situatiounen, dach awer mat der Chamber konkret diskutéiert an och Ännerunge virgeholl huet. Dës Kéier hu mer een dee guer net granzeg ass, deen am Géigendeel zu allen Diskussioune bereet ass.

***(Interruption)***

Vläicht bei Iech an Ärer Kommissioun, mä an där heiter Kommissioun net. Ech muss awer soen, et hat een awer ni d'Gefill, dass d'Ouer wierklech do wär fir dofir ze suergen, dass dat, wat dann do och diskutéiert ginn ass, dach awer konkret iergendwou e Rôle kënnt spillen. Ech mengen, dat misst virun allem och de Kolleege vun der DP dach Suerge maachen, déi eis hei während Joren d'Ried gehalen hu vun der Ënnerhielegung vun de Prérogativë vun der Chamber. Ech muss soen, nach ni sinn déi Prérogativen esou ënnerhielegt ginn, fannen ech, wéi mat deem wat mer an deene leschte Wochen dach do zesummen diskutéiert hunn.

Fir d'LSAP ass dat also eng dräifach Enttäuschung.

Eng éischt quant au fond. Dëst ass keng adequat Äntwert, eiser Meenung no, op déi alarméierend Entwécklung, déi mer dach awer amgaange sinn ze erliewen. Dat ass wouer bei der Aarbechtszäit, wou mer mengen, dass déi Balance tëschent der Flexibiliséierung an op där anerer Säit der Sécherheet sech net esou apendelt, wéi mer dat gemengt hunn. All Aussoen um Niveau vun der kontraktueller Diskussioun an de Betriber weist eis, dass mer do Recht hunn.

Mir hunn deemools schonn, de Kolleeg Jeannot Krecké a meng Wéinegkeet, eng Proposition de loi abruecht fir op déi Fro ze versichen eng Äntwert ze ginn, wéi och bei aneren. D'Chambre de Travail ass zwar haut an hirem Avis, dee mer elo just nach kritt hunn, d'accord ze soen, et sollt een et da verlängeren, fir ebe sech nach méi Erfahrungen ze ginn. Ech fäerten, dass mer 2006 oder 2007 an eng Diskussioun erakommen, wou vläicht duerch eng méi héich Aarbechtslosegkeet d'Diskussioune vläicht vill méi schwéier gi wéi se elo nach gewiescht wären. Déi Angscht muss ee jiddefalls hunn. Mä si verweist awer och an hirem Avis och haut oder gëschter op hir Avisen, déi se gemaach huet zu dem Prinzip vun der Flexibiliséierung, wou se onzefridden ass mat der Aart a Weis wéi et sech an deene leschten dräi, véier Joer och wierklech entwéckelt huet.

Da ginn et aner Froen, déi mer elo méi spéit sollen traitéieren. Dat ass richteg bei der Fro vun den CATen, wou ee sech virun allem muss Suerge maachen iwwert d'Entwécklung vun deene bei der öffentlecher Hand, wa mer bal bei 1.000 CATe sinn, eleng um Niveau vun dem Service public, dee vum Stat ofhänkt. Da muss ee sech do awer eeschthaft Froe stellen, ob den CAT nach dat Instrument ass, wat just soll geduecht si fir Leit eng Méiglechkeet ze gi fir eng kuerz Bréck ze fannen, fir dann op den definitiven Aarbechtsmaart ze kommen.

Ech mengen dass dat Instrument an der Tëschenzäit lues awer sécher zu enger ganz anerer, zu enger bëlleger Aarbechtskraaft an zu aneren Zwecke genotzt gëtt, wéi fir deen, wou et eigentlech misst do sinn. Ech mengen, dass de Minister mat eis och net zefridden ass a wat fir engem Mooss alles dat wat deemools an där Tripartiteronn, déi zum PAN gefouert huet, 1997, 1998 an 1999, nämlech de ganze perséinleche Suivi vun deene jonke Leit, dass dat nach net dee Rythme de croisière fonnt huet. Ech mengen, dat hu mer all erlieft a mir sinn alleguerten der Meenung, dass hei nach méi Efforte misste gemaach ginn.

De Bilan also, dee mer haut sollte maache fir eng grouss Revisioun, huet zwar vill Säiten Analys produzéiert, mä wéi wéineg Opbroch provozéiert en haut, wann ee weess dass dat haut sollt e grousse Moment ginn, wou mer e Sprong no vir sollte maachen, esou hu mer eis dat während Méint a Jore bal gesot. Wa mer kucken, wat haut iwwreg bleift, da muss ee sech dach awer eenzel Froe stellen.

Eng zweet Enttäuschung ass, wat d'Form ubelaangt. Ech hunn et scho gesot, véier Joer ass bekannt, dass mer haut missten déi Revisioun maachen, well den 31. Juli 2003 déi Moossnamen auslafen.

Och de Saucissonnage, deen entsteet aus deem vernetztene Bléck, deen eis d'PAN-Gesetz deemools ginn huet, wou mer elo all déi Froen, déi direkt an indirekt mat der Beschäftigungsproblematik ze dinn hunn, ausernee rappen, well mer verschidde Projete maachen, kleng Projeten. Mir maachen deen heite Projet, da féiere mer eng Diskussioun iwwert d'CATen an engem anere Projet, d'Diskussioun iwwert de Congé parental, wat seng eenzel Detailer ubelaangt, maache mer nach an engem anere Projet, vläicht dann déi Propositioun vum Statsminister fir déi Aarbechtszäitverkierzung kombinéiert mat Hëllefe vum Stat bei Ofbau vun Aarbechtsplazen, wat dann eng Ausweitung vun deem Artikel ass, dee mer haut am PAN-Gesetz schonn hunn, nach an engem anere Gesetz. Ech mengen, dee Saucissonnage ass keng propper vernetzte konzeptuell Äntwert op dat, wat mer a sech gemengt hunn.

Schlussendlech eng drëtt Enttäuschung ass dann ouni Zweifel déi vun där Prozedur, déi mer elo nach erlieft hunn an deene leschten dräi, véier Wochen, dass mer e Méinden de Moien dach awer eis Aarbechten ofgeschloss hu mat engem Avis, dee mer do leien hate vun der Chamber vun de Fonctionnairen, déi jo, mengen ech, net déi sinn, déi vun dëse gesetzlechen Diskussiounen iwwer Flexibiliséierung am meeschte betraff an interesséiert sinn. Mä, ech mengen, dat kritiséieren ech net, et ass einfach nëmmen eng Feststellung.

Ech mengen, de Statsrot huet dofir och zu Recht kritiséiert, dass hien och hei wierklech huet misse ganz schnell versichen en Avis ze maachen. Hien huet dofir och refuséiert fir, ausser der Verlängerung, déi aner Saachen ze aviséieren.

Ech muss jo awer soen, Här Rapporteur, trotz eisem Merci fir d'Aart a Weis vun den Diskussiounen an der Kommissioun an och den Aarbechte fir dëse mëndlechen an och schréftleche Rapport, ech mengen, Dir sollt elo net heihinner kommen a maache wéi wa mer e Méinden nach hätte missen do eng Décisioun huelen. Et bleift eis schlussendlech alleguer näischt aneschters iwwreg wéi just nach dat ze stëmmen, wat nach iwwreg bliwwen ass. Wann et nach eng Woch gedauert hätt, dann hätte mer näischt méi héchstwahrscheinlech gehat. Deementspriechend ass dat och, wat d'Prozedur ubelaangt, wann ee weess, dass dat do jo alles laang bekannt war, deen Datum do an esou virun, dee géif kommen, déi Date butoir, déi jo kloer war, awer eng Enttäuschung.

D'LSAP wäert sech bei dem Vote zu dësem Gesetz enthalen, well se sécherlech mat der Fro vun der Propositioun vun der Verlängerung vum Congé parental averstanen ass, och wann ee muss kritiséieren, dass mer dat och elo an zwee Projete scindéieren. Déi dräi Ziler, déi mer eis 1998 ginn hate mam Congé parental, si sécherlech net alleguer an deemselwechte Mooss erreecht ginn. Ech mengen, et ass sécherlech villes méi beweegt ginn um Niveau vun deem wat d'Kanner selwer vun deem Congé parental hunn. Dat war fir mech nach ëmmer dat Wichtegst, dass d'Kanner déi éischt Suerg sollte sinn, fir dofir ze kucken dass ee Partner sech méi Zäit nach hëlt fir bei der Erzéiung an deenen éischte Méint och wierklech disponibel ze sinn.

Vun enger besserer Partnerschaft tëschent Männer a Fraen si mer nach wäit dovun ewech, wa mer gesi wéi d'Zuele sech entwéckelen, mä och do brauche mer sécherlech an de Käpp vun de Männer virun allem méi Zäit fir dofir ze suergen, dass dat sech nach méi équilibréiert, méi Männer par rapport zu de Fraen vun deem Congé parental profitéieren an doduerch och wierklech dann déi Ëmsetzung vun deem zweete Wëllen do kann entstoen.

Beim Emploi sinn ech net esou kritesch an esou negativ wéi vill anerer dat sinn. Ech denken, dass och do eng Entwécklung amgaangen ass dofir ze suergen, dass iwwert dee Congé parental dach awer Leit kënne profitéiere fir an den Aarbechtsmaart eranzekommen. Ech muss soen an deem Betrib, deen ech e bësse besser kennen an der Gemeng, do goufen et awer Leit, déi iwwert dee Wee vu Congé parental an de Betrib erakomm sinn, sech bewährt hunn, gewisen hunn, dass se eppes konnten, an dann iwwert en anere Wee an deem Betrib bliwwe sinn, esou dass awer deen Déclencheur do gespillt huet. Ech mengen, et sollt ee sech also do vläicht dach awer e bësse méi Zäit ginn.

Zwee Ziler hu mer also op jidde Fall do erreecht. Ech mengen, dass dat also positiv ass.

Negativ, an dat begrënnt eis Enthaltung, ass déi Verlängerung vun deene Moossname vun der Aarbechtszäitorganisatioun, der Flexibiliséierung, wou mer net zefridde sinn, well mer gemengt haten et wär de Moment gewiescht fir Verbesserungen ze maachen. Déi Verlängerung bis den 31. Juli 2007, an dat soll mäi lescht Wuert sinn, no der Begrënnung vun der Enthaltung, huet just vläicht eppes Guddes u sech, nämlech dass eng nei an eng besser Regierung sech wäert ëm déi Revisioun da këmmeren.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Lux. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alexandre Krieps. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Merci, Här President. Et geet mir wéi dem Här Glesener. Ech sinn och enttäuscht iwwert dem Här Lux seng Enttäuschung, mä et huet jo keen heibannen an dobausse verfeelt, dass dat hei den Optakt zu de Sozialwahlen am Hierscht ass.

***(Interruptions)***

Ech bewäerten hei nëmmen deen Aspekt vum Congé parental, an ech soen dem Marcel Glesener merci fir seng schréftlech a mëndlech Beméiungen.

Net vill, géife mer mengen, wär fir d'Kommissioun hei Aarbecht gewiescht, well et ass eben e Projet, deen direkt aus der Tripartite komm ass. Ech géif mengen, an der Tripartite, esouwäit een d'Zeitunge konnt appréciéieren, hunn d'Patronë sech gewiert, dass en ausgedehnt géif ginn op néng Méint, d'Salariat sech gewiert, dass e reduzéiert géif op dräi Méint, an d'Regierung ass op der Schinn vun de sechs Méint virugefuer. Folglech huet an deem Dossier mindestens jiddferee gewonnen.

Aarbechtsmaartméisseg huet dat Instrument vum Congé parental wierklech net vill bruecht, well et sinn nëmme 6 bis 7% vun deene Leit, déi deen an Usproch geholl hunn, op hirer Aarbechtsplaz ersat ginn. Vun deenen Ersatzleit sinn natierlech herno bal dräi Véirels fest ugestallt ginn. Et sinn ëmmerhin déi, mä et sinn der net vill, Här Lux.

Ënnert dem natalisteschen Aspekt, wat awer net d'Zilsetzung vun där Mesure vum Congé parental war, huet déi Bestëmmung näischt, wann net guer näischt bruecht. Dir musst wëssen, dass an deene leschten zwee Joer ongeféier 500 Kanner pro Joer an dësem Land manner op d'Welt komm sinn. Loosst mer net esou pessimistesch si wéi den Här Lux, och am Indice de fécondité si Cyclen.

Nom Aarbechtsmaart an no der Natalitéit, Här Lux, gëtt et dat Konzept vum Wuelbefannen, wat Der ugesprach hutt, vun den Eltere vun den Neigebuerenen. Ech deelen zwar net Är Meenung, dass een Neigebuerenen, deen e Joer al ass, ausser bei der Mamm vum Bonding, iergend e Benefiss vun deem Congé parental huet, mä an der Enquête vun der KPMG huet et sech bewisen, dass dat e Volltreffer fir d'Wuelbefanne vun den Elteren ass. Dir musst wëssen, de soziale Kontakt vun de Kanner geet eréischt bei dräi, véier Joer un, an ech perséinlech gleewen, dass déi Etüd méi de Mérite vun de Mammen ënnerstraicht wéi d'Zukunft vun den Hausmänner, un déi ech guer net gleewen.

Haut ass nach net den Dag komm, wéi den Här Lux dat e puermol ënnerstrach huet, vun där grousser Revisioun, mä ech loossen awer, Här Lux, net e puer Kriticken hei gëllen, déi Dir gemaach hutt, well ech gleewen net dass ee kann an der Tripartite eens sinn an da sech hei enthalen oder dergéint sinn. Also, dat ass éischter e Versoe vun de Salariatsvertrieder.

***(Interruption)***

Ären Discours war haaptsächlech ee vun hätten an haten. Dat ass e bëssen e Frust, e Regret.

An, wéi ech gesot hunn, d'Tripartite-Nullronn, dat ass elo den Optakt fir Ären Discours fir d'Sozialwahlen. Alles an allem, d'demokratesch Fraktioun, ënnert dem Jean-Paul Rippinger, stëmmt dëser Gesetzesvirlag virbehaltlos zou, well haaptsächlech den Actif vum Congé parental definitiv an d'Gesetz ageschriwwe gëtt, wat mir als e soziale Fortschrëtt bewäerten.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Krieps. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Merci, Här President. Ech sinn erstaunt, well fir all déi Leit, déi hei op d'Riednerpult komm sinn an net vill wollte soen, ass awer e ganze Koup Seef verzaapt ginn.

Dem Här Rapporteur wëll ech merci soen, dass hie sech déi néideg Zäit geholl huet fir trotz der fortgeschrattener Stonn dat awer ganz explizit hei virzebréngen. Et geet haaptsächlech hei just ëm eppes, wou mer am Fong iwwerhaapt keng aner Wiel hunn, dat heescht zwou Dispositioune weider ze féieren, déi virum 31. Juli musse gestëmmt ginn, well soss hätte mer d'Gefor gehat, dass einfach dann näischt méi do gewiescht wär. Dat war jo net eisen Objectif.

Et ass hei gesot ginn, dass de Moment verpasst gi wär fir eppes ze änneren, mä ech muss awer soen dass déi, déi dat hei gesot hunn, awer och keng Initiative bruecht hu fir eppes ze änneren. Do sinn ech och e bëssen erstaunt. Mir sinn eis eens, dass mer erëm eppes vun der Tripartite dohinner geplättelt kritt hunn, wat u sech kee wollt, mä wou mer awer näischt anescht kënnen domat ufänken.

Jiddferee kennt meng Positioun zur Tripartite. Et ass en iwwerflëssegt Instrument, oder wéi sot Der ëmmer, Här Weiler, et ass superfétatoire. Elo hunn ech e Friemwuert mol ouni Feeler ausgeschwat. Gesitt Der, ech ginn ëmmer besser. Ech mengen einfach, dass mer hei u sech keng aner Wiel hunn.

Ech wëll awer e bëssen den Här Lux a Schutz huelen. Den Här Lux ass net hei op d'Bühn komm mat sengen Argumenter, fir d'Sozialwahlen ze preparéieren. Dat huet en net néideg. Dat kann en op enger anerer Plaz besser maachen. Dem Här Lux seng Argumenter ware scho valabel, mä en hat awer och, grad esougutt wéi mir, keng aner Wiel, well aner Leit, déi him iwwerstinn, an engem anere Gremium décidéiert hunn, wat mir hei ze maachen hunn, wéi et schonn esou oft de Fall war a wat sech an der nächster Zäit och net wäert änneren.

Et ass begréisst ginn, an ech begréissen et och, dass de Congé parental am Fong elo à durée indéterminée am PAN-Gesetz ageschriwwen ass, mä wann ech awer da gesinn dass op där anerer Säit schonn erëm ee Projet do läit, dee virgesäit d'Ausféierungsbestëmmunge vum Congé parental ze änneren, an dat ass jo awer dat Gefréierlecht drun, well bis elo ware mer eis all eens. Ech maache mer och do net allze vill Illusiounen.

Flexibiliséierung, okay. Do kennt jiddferee meng Meenung. Do ass an d'Gesetz ageschriwwe gi bis 2007. Do sinn ech am Fong frou driwwer, dass mer iergendwéi nach eng Kéier doriwwer schwätzen, well déi Mesuren éischtens emol net esou gräife wéi se geduecht gi waren, an zweetens, wat ech schonn ëmmer gesot hunn, de Salariéen iwwerhaapt näischt bréngen, well et sinn d'Salariéen, déi déi leidtragend si vun deene Flexibiliséierungsmesuren. Dat weess an der Zweschenzäit jiddfereen, mä et wëllt awer keen et wouer hunn.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Dat gesot, wëll ech Är Zäit net méi laang an Usproch huelen. Ech hunn dat gesot, wat ze soen ass. Mir hu keng aner Wiel, a well mer keng aner Wiel hunn, wäert den ADR dann och dee Projet hei stëmmen.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll zu zwee Punkte Stellung huelen, déi an dësem Projet dra sinn. Dat eent ass de Congé parental an dat anert, dat sinn déi Dispositions positives fir de Sexe sous-représenté an der Aarbechtswelt.

Wat ech wëll opwerfen, dat ass datt mer an der Kommissioun an der Virbereedung zu dësem Gesetz, dat jo eigentlech eng laang Virgeschicht huet, vill diskutéiert hunn iwwert de Chômage zu Lëtzebuerg och an och iwwert de But fir géint de Chômage ze kämpfen. An deem Zesummenhang an och am Zesummenhang mat deem, wat mer haut hei um Dësch leien hunn, ginn op europäeschem Niveau ëmmer zwee Reprochë gemaach géint Lëtzebuerg.

Dat eent ass, datt mer net genügend Arbeitnehmer oder Arbeitnehmerinnen hätten, déi schonn e gewëssenen Alter hunn, mä datt mer eng Tendenz hätte fir eeler Arbeitnehmer oder Arbeitnehmerin-

nen aus dem Aarbechtsmaart erauszedrängen. Dat zweet ass, datt mer net genuch Fraen um Aarbechtsmaart hätten.

Et ass esou, datt am Kader vum PAN-Gesetz, dat mer virun e puer Joer hei gestëmmt hunn, mer eng ganz Rei Mesuren dra gepaakt haten, Mesuren déi effektiv an d'Richtung gi fir eng besser Representatioun vun de Fraen um Aarbechtsmarché ze kréien - ech kommen nach op déi ze schwätzen -, an anererséits Mesurë virgesinn hunn, déi als solch verkaaft gi sinn, respektiv wou gesot ginn ass, datt déi dozou kéinte bäidroen de Chômage ze bekämpfen, awer och de Fraen eng gréisser Bedeelegung an der Aarbechtswelt kënnte garantéieren.

Dat éischt dat war de Congé parental an dat zweet waren déi Dispositions en faveur du sexe sous-représenté.

Meng éischt Remarke si par rapport zum Congé parental, wou ech mol direkt wëll déi Argumentatioun zréckweisen - ech hunn dat zwar och schonn deemools hei gemaacht -, déi dra besteet fir ze soen, datt de Congé parental eng fraespezifesch Mesure wär. Fir eis als Gréng ass et kloer, de Congé parental ass eng familljepolitesch Mesure, an et ass esou datt effektiv déi dräi Objektiver, déi ëmmer an de Vierdergrond gestallt ginn, déi eigentlech sollten erfëllt gi mam Congé parental, eiser Meenung no, net kënnen erfëllt ginn, an zwar « une meilleure conciliation de la vie privée et de la vie professionnelle » ze kréien, « de promouvoir l'égalité des chances entre les hommes et les femmes », an « de développer une politique active de l'emploi ». Fir eis ass et ganz kloer, datt ee muss mat neen déi Fro beäntweren, datt de Congé parental dat gëeegent Instrument wär fir deenen dräi Kritäre gerecht ze ginn.

Zum éischte Punkt, enger « meilleure conciliation de la vie privée et de la vie professionnelle », do ass et esou datt dat zum Deel vläicht richteg ass, mä et muss een awer soen, datt dat nëmme richteg ass während där Period vun deene sechs Méint, an et doriwwer eraus am Gesamten awer rose wéineg ännert an datt all déi Problemer, déi sech eigentlech ronderëm déi dote Fro stellen, sécherlech net geléist ginn duerch de Congé parental. Dat ass nun emol d'Garde vun de Kanner, en Horaire de travail non compatible au mode de garde, d'Duebelbelaaschtung Beruff-Haushalt. Dat ass d'Garde vun de Kanner wa se scolariséiert ginn, d'Garde vun de Kanner wa se Vacances scolaires hunn. Et ass d'Feele vu Cantines scolaires, d'horaires scolaires non adaptés aux exigences du monde économique an esou weider. Also eng ganz Rei Punkten, déi mam Alldag vun där eenzelner Persoun ze dinn hunn, déi beruffstäteg ass. All déi Froe kritt ee sécherlech net domadder geléist.

Deen zweete Punkt: « Promouvoir l'égalité des chances entre les hommes et les femmes », datt dat kéint geléist ginn iwwert de Congé parental. Och do soe mer ganz kloer neen. De Congé parental, dee gëtt zwar verschiddene Pappen eng Chance fir sech eventuell méi och fir Kanner ze interesséieren a fir sech och méi drëm ze këmmeren, mä mir musse leider feststellen, dass ganz wéineg Pappe bis elo vum Congé parental profitéiert hunn. Dofir trëfft dat sécherlech net zou an et ass och ganz kloer esou, de Congé parental iwwerhëlt déi traditionell Rolleverdeelung mat, déi dra besteet eben datt de Papp fir d'Besoins financiers vum Haushalt zoustänneg ass an d'Mamm nach ëmmer fir d'Kannererzéiung. Dat brécht eigentlech guer net mat där ganzer Logik. An et ass och esou, vu que datt nach ëmmer d'Männer déi sinn an der Gesellschaft, déi déi gréisste Pertes de revenu hu wa se ophale mat schaffen, et ganz kloer ass, datt och dat e Grond ass firwat datt Männer natierlech, vu que datt si déi sinn, déi nach ëmmer déi gréisste Revenuen hunn, kaum bereet sinn op hire méi héije Revenu ze verzichten, fir da mat 60.000 aler Frang de Mount auszekommen.

Et ass och esou, dass oft de Congé parental ganz wéineg an Aklang ze bréngen ass mat der Fonctioun, déi zum Beispill Männer inne hunn an enger Entreprise. Et ass nach manner an Aklang ze brénge mat enger Carrière professionnelle. Et ass esouguer oft ganz schlecht gesi vun den Employeuren, nach ëmmer, wa Männer virun allem de Congé parental huelen, an et ass och esou, dat kënnt nach derbäi, datt eigentlech och eng ganz schlecht Informatiounspolitik bis elo bedriwwe ginn ass iwwert d'Rechter vun de Pappen an deem doten Zesummenhank.

An alles dat mécht, datt wéi gesot mat Sécherheet de Congé parental keen Instrument ass an där heiteger Form fir deen Aspekt, nämlech d'Egalité des chances entre hommes et femmes op dem Aarbechtsmarché ze förderen oder ze garantéieren.

Reduzéiert en de Chômage? Och do soe mir ganz kloer Neen. De Congé parental ka sécherlech e gewëssend Stimulatiounsinstrument si fir a verschiddenen ekonomesche Beräicher, mä et ass awer sécherlech net dat gëeegent Instrument wou ee kënnt driwwer diskutéieren ob dat de Chômage kënnt reduzéieren. Et ass esouguer éischter esou, datt de Congé parental deelweis ka ganz kontraproduktiv si wat de Chômage ubelaangt, an et sécherlech och esou ass, datt de Congé parental a verschiddene Secteure mat Sécherheet net kompenséiert gëtt duerch Chômeuren, duerch Leit déi Aarbecht sichen, well dat jo net organiséiert ass an éischtens och do um Aarbechtsmarché net déi gëeegent Leit ze fanne sinn, déi mer bräichten, fir Fraen oder Männer ze ersetzen, déi Congé parental huelen, an doriwwer eraus dréit et och dozou bäi, datt effektiv de Congé parental kann esouguer dozou féieren, datt zum Beispill Fraen, vu que datt et d'Frae sinn, déi am meeschten dovu profitéieren an dee Moment an Usproch huelen, datt et esouguer kann een Nodeel si fir Frae fir agestallt ze ginn am Endeffekt, well oft dann d'Mentalitéit virherrscht, déi dote kréie souwisou iergendwann eng Kéier Kanner an da wäerte se wahrscheinlech dovu profitéieren an da kommen déi ganz Schwieregkeeten, déi domat verbonne sinn, well et schwéier ass während sechs Méint ze ersetzen. Dofir ginn dann oft Männer bevirzucht par rapport zu de Fraen. Dat heescht, et kann esouguer och e kontraproduktiivt Argument gi fir méi Fraen op den Aarbechtsmarché ze kréien.

A wat eis eigentlech och e bëssen iwwerrascht huet, dat ass datt déi Etüd vum KPMG, datt vun deenen 13 Propositiounen, déi herno an de Conclusions générales vum KPMG gemaach gi sinn, der do rose wéineg zréckbehale gi si bei der Regierung an datt et eigentlech esou ass datt haut fënnef vun deenen 13 Propositiounen iwwerhaapt net zréckbehale gi sinn. Bei fënnef ass et kloer neen, a bei dräi ass et nach zimlech onkloer. An ech wëllt vläicht op déi fënnef agoen, déi ofgeleent gi sinn, well dat der fënnef sinn, déi eiser Meenung no awer eng wichteg Fonctioun hätte kënne spille fir de Congé parental och ze verbesseren a senger Ausriichtung, an och fir ze beleeën datt eigentlech d'Regierung haaptsächlech déi zréckbehalen huet, déi an d'Richtung gi fir souzesoen eng Simplification administrative ze kréien am Kontext vum Congé parental, dat heescht éischter technescher Natur sinn, mä näischt um Fong ännere.

Bon, déi éischt ass emol déi, datt de Congé parental misst nei definéiert ginn an deem Sënn, datt méi Formulë kënnte benotzt ginn tëschent Temps partiel a Plein temps, haaptsächlech natierlech och an deem Zesummenhank fir Männer. Et ass esou datt mer relativ starr Konditiounen de Moment hunn. Si si wéineg flexibel a mir sinn der Meenung, datt een déi Propositiounen, déi vum KPMG gemaach gi sinn, hätt misse méi genau analyséieren a sech iwwerleeën, ob een net där flexibel Instrumenter an d'Gesetz erabréngt.

Dann ass et och esou, datt eng Propositioun eis net zefriddestellt, déi guer net zréckbehale ginn ass. Dat ass, datt eigentlech d'Durée vum Congé de paternité net erhéicht ginn ass an deem heiten Zesummenhank, well d'KPMG zu Recht feststellt, datt et oft schwéier ass fir déi lwwergankspha nom Congé parental erëm zum normale Beruffsliewen, wat meeschtens och verbonnen ass mat enger Phas wou d'Kanner doheem versuergt gi sinn an duerno an eng Garderie oder Crèche ginn a wou dann natierlech am Ufank dat jo fir d'Kanner net einfach ass, a wou et wichteg ass, datt se eng gewësse Begleedung vun den Eltere kréien, datt déi hätt kënnen duerch eng Augmentatioun vum Congé de paternité domadder positiv begleet ginn an och effektiv dozou féieren, zum Beispill, datt vläicht méi Männer dovu profitéiert hätten.

Dat sinn nëmmen zwou Propositiounen, déi ech wollt hei eraussträichen, déi eiser Meenung no hätte misse méi analyséiert ginn. Meng Zäit ass relativ kuerz a well ech och nach wëll zu anere Punkte kommen, wëll ech e puer anerer elo hei iwwersprangen an dann zum zweete Punkt direkt iwwergoen, zu de Remarken, déi ech wëll maachen zu den Dispositions en faveur du sexe sous-représenté.

Et ass esou, datt déi Mesuren, dat gëtt jo net niéiert vum Aarbechtsminister, bis elo net vill Wierkung haten, datt se eigentlech net vill bruecht hunn. Et ass vläicht esou, dass duerch déi besser Definitioun, déi mer elo hei festgehalen hunn, se vläicht méi Wierkung kritt. Ech hunn awer do meng Zweifelen. Ech mengen, datt och virun allem misst eng gréisser Informatiounspolitik bedriwwe gi par rapport zu den Entreprisen an de Patronen an deem Beräich, mä ech mengen awer och, datt doriwwer eraus duerch déi Aktiounen den absolute Minimum gemaach gëtt fir de Frae méi eng grouss Chance ze ginn an der Aarbechtswelt, a mir fannen et eigentlech bedauerlech, datt sech net méi un deene gudde Propositiounen, déi de Moment um europäeschen Niveau virleien, inspiréiert gëtt.

Ech wëll drop hiweisen, datt mer de Moment zwee Dokumenter virleien hu vum Conseil de l'Europe. Dat eent ass en Dokument vum Joer 2000. Dat ass relativ voluminéis, dat huet 170 Säiten, an dat bëinhalt virun allem eng ganz Serie vun Actions positives dans le domaine de l'égalité entre les hommes et les femmes. Wann ee sech do e bëssen inspiréiert hätt, do hätt ee bestëmmt interessant Saache kënne fannen, déi een hätt kënnen an esou e Gesetz wéi dat hei abannen.

Dat zweet ass dat Dokument vum 12. Mäerz 2003 vum Conseil de l'Europe, wou et drëms geet fir ze diskutéieren iwwert eng Participation équilibrée des femmes et des hommes à la prise de décision politique et publique.

An da kommen ech zu engem Punkt, deen eis besonnesch enttäuscht. Dat ass den öffentleche Secteur. Ech wëll drop hiweisen, datt dat an allen Dokumenter vum Conseil de l'Europe, an net nëmme vum Conseil de l'Europe, mä och vun der Kommissioun, de Moment gesot gëtt, datt den öffentleche Secteur misst eigentlech Virreider si fir Actions positives ze starten, a mir haten als Gréng virun dräi Joer de Versuch gestart fir eng Entrevue unzefroe beim Statssekretär vun der Réforme administrative, dem Här Schaack, fir mat him doriwwer e längert Gespréich ze féieren. D'Madame Wagener huet och deemools e ganze Stapel Dokumenter matgeholl bei den Här Schaack, fir him déi ze iwwerreechen.

Éischtens huet eis emol erschreckt, datt mer hu misse feststellen, datt am Ministère de la Réforme administrative den zoustännege Statssekretär iwwerhaapt net wosst wat dat wär, Actions positives, an zweetens huet eis awer nach méi erschreckt, datt an deene leschten dräi Joer d'Regierung an de Lëtzebuerger Stat kaum en Effort gemaach hu fir op deem dote Gebitt eis e bësse weider ze bréngen, fir eigentlech Virreider ze spillen.

Au contraire, et ass esou datt beim Stat et net fäerdeg bruecht ginn ass, am Kader zum Beispill vun der Reform vum Statut, fir eng ganz Rei Mesuren, déi et haut gëtt, an deem Sënn emol positiv auszebauen. Ech denken do haaptsächlech un den Temps partiel, wou mer et emol net fäerdeg bruecht hu fir den Temps partiel auszedehnen och op Führungspositioune beim Stat, wat natierlech dozou féiert datt déi Männer, déi et zum Beispill beim Stat gëtt, an där gëtt et entretemps ëmmerhin, ech weess datt et eng Rei Demandë gëtt beim Stat vu Männer a Führungspositiounen, déi bereet gewiescht wären Temps partiel aus Grënn vu Kannererzéiung ze maachen, datt dat och nach onméiglech gemaach ginn ass iwwert déi Reform do. An et ass eigentlech och erschreckend festzestellen, wéi wéineg Fraen zum Beispill insgesamt an der Fonction publique schaffen, 20% schaffen de Moment nëmmen an der Fonction publique insgesamt. An de Führungspositioune beim Stat ass et nach méi katastrophal an ech wëll dofir een Zitat hei virdroe vun der däitscher Volksschauspielerin Heidi Kabel, déi seet: Die Emanzipation ist erst dann...

***(Interruptions)***

Lauschtert no, Här Rippinger, well dat hei ass een Zitat, do si bestëmmt vill Leit heibannen, déi kënnte sech nawell getraff fillen.

***(Interruptions)***

Här President, ech wär frou wann elo nogelauschert géif, well et sinn der bestëmmt vill heibannen déi sech staark betraff fille vun deem Zitat. Dat heescht folgendermoossen: « Die Emanzipation ist erst dann vollendet, wenn auch einmal eine total unfähige Frau in eine verantwortliche Position aufgerückt ist. »

Dat ass een Zitat vun der Volksschauspielerin Heidi Kabel, an ech fannen dat ass ganz zoutreffend fir d'Situatioun zu Lëtzebuerg insgesamt a virun allem fir d'Efforten, déi de Moment gemaach gi vun der Regierung an deem dote Beräich, déi relativ mediocre sinn am Moment. A mir sinn der Meenung, Här President, …

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Här President, ech si jo frou datt de Sall elo amgaang ass sech erëm e bësse méi ze fëllen, mä ech wär och frou gewiescht wann e virdru méi voll gewiescht wär, well dann hätten déi, déi elo reklaméiert hätten, ech soll op d'Zäit kucken, vläicht méi interesséiert dragekuckt, well dann hätte se kënne feststellen dass ech eng Rei Saachen hei soen, wou se bestëmmt hätte kënne bäiléieren.

***(Interruptions)***

Jo, also ech weess datt heibanne vill Leit éischter interesséiert sinn um Klamauk wéi un den inhaltlechen Diskussiounen, mä Dir musst et net all Dag zum Ausdrock bréngen. Lauschtert och heiansdo e bëssen no a gedëllegt lech heiansdo e bëssen.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Fuert virun, Här Bausch. Loosst lech net provozéieren.

***(Interruptions)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech loosse mech guer net provozéieren. Ech si frou wa Leit hei esou Zwëschebemierkunge maache wéi déi doten, ech iwwerloossen dem Public, déi se kommentéieren, fir sech selwer e Jugement doriwwer ze maachen.

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- D'Zäit leeft eis fort.

***(Hilarité)***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- D'Zäit ass mir schonn oft hei fort gelaf, wann ech hei souz, Här Asselborn. Mä ech hu bis elo awer nach ëmmer d'Gedold behale fir bis zum leschte Moment auszeharren, och wann et mech oft genervt huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zréck zum Sujet, fir awer ze soen, datt ech fannen datt dat wat hei am Gesetz dra steet relativ dürfteg ass, par rapport zu der Problematik déi sech stellt an deem dote Beräich, nämlech datt mer hei zu Lëtzebuerg d'Schlussliicht sinn, nach just Griicheland ass hannert eis wat d'Fraen an der Aarbechtswelt ubelaangt, an datt et eigentlech relativ schäbeg ass fir e Land wéi Lëtzebuerg, datt mer et net fäerdeg bruecht hu bis elo fir méi konsequent Mesuren ze ergräife wéi déi, déi bis elo hei virgesi sinn, och erëm an dësem Text, och wann et nëmmen en Iwwergankstext ass, dann erëm bis 2007 mer vertréischt ginn, wou mer da jo erëm eng Generaldebatt solle féieren iwwert déi gesamt Mesurë vum PAN-Gesetz, déi mer virun e puer Joer gestëmmt hunn. Mä ech mengen awer datt et derwäert gewiescht wär déi lescht annerhalleft Joer, wëssend déi schlecht Zuelen, déi mer an deem heite Beräich zu Lëtzebuerg hunn, a wëssend wéi oft datt mer wéinst deene kritiséiert ginn, och um europäeschen Niveau, och um Niveau vun der Kommissioun, datt et derwäert gewiescht wär déi Dokumenter vum Conseil de l'Europe zum Beispill an och anerer méi intensiv ze liesen an ze versichen eng Rei Saachen ëmzesetzen am Kader vun dësem Gesetz.

Ech hätt hei nach kënne vill diskutéieren iwwer aner Elementer, déi parallell heizou feelen zu Lëtzebuerg, Betreiungsstrukture fir Kanner, Öffnungszäite vu Crèchen, Aarbechtszäit an Arbechtszäitmodeller, déi den Elteren eigentlech mol entspriechen an net nëmmen eenzelne Leit entspriechen, Betreiungsstrukture fir Kanner am Schoulalter, Schoulkantinen an esou weider an esou fort.

Alles dat sinn Elementer déi dozou gehéieren, Här President, an déi eigentlech eis da géingen dozou bréngen, datt mer vun der Mentalitéit géinge wech kommen, déi dra besteet datt mir zwar dat do alles net hunn, mä dofir ee Réseau hu vu Grousselteren, Tattaen a Monnien, a Mammen hëllefe Mammen, déi Kanner betreie wann d'Eltere musse schaffen, mä leider liewe mer awer hei nach ëmmer an engem Land wou een eng modern Familljepolitik am Intérêt vu Mann a Fra a Kanner an deem Sënn net gesäit. Mir hunn eigentlech e grousst Organisatiounstalent fir onbezuelten Aarbecht weider ze förderen. Dat steet am kloeren Zesummenhang mat enger Logik, déi vun och enger Partei an deene leschte 50 Joer hei gefördert ginn ass.

Ech kommen zur Konklusioun, Här President. Dat heiten, wat mer haut hei virleien hunn, ass am Fong net ganz déck an deem Beräich. Mir

wäerten eis enthale bei dësem Projet. Awer net nëmmen doweinst, mä och well eng Rei aner Mesuren hei eigentlech verlängert ginn, géint déi mer scho ware wéi se agefouert gi si virun dräi Joer, déi am Zesummenhang sti mat der Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten. Ech hunn eis Argumenter a Kriticken deemools ubruecht zu deene Saachen, dofir brauch ech déi haut net méi ze widderhuelen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- D'Gesetz ass also nach manner déck wéi den Här Bausch gesot huet, well et sinn och nach Saachen erausgeholl ginn.

Här President, duerch dat heite Gesetz gi jo keng nei Moossnamen agefouert, mä et ginn dräi Zorte vu Bestëmmunge vum PAN-Gesetz vun 1999 definitiv an der Gesetzgebung verankert, respektiv bis d'Joer 2007 verlängert, an zwar éischtens de Congé parental, zweetens d'Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit an drëttens verschidden Aidë fir d'Betriber.

Ech si mat dem Punkt 1 ganz d'accord. De Congé parental, deen huet sech als eng Moossnam erwisen, déi absolut noutwendeg ass am Interesse vun de Familljen, an et wier och ze wënschen dass nach méi Familljen dovu géife Gebrauch maachen, fir dass et hinnen iwwert dee Wee e bësse besser géif gelénge fir Beruff a Famill mateneen ze verbannen. Et ass doriwwer eraus jo och eng Moossnam am Interesse vun der Gläichstellung vu Mann a Fra, op d'mannst theoretesch, wann och an der Praxis, wéi den Här Bausch elo dat richteg nogewisen huet, dat net ëmmer esou ausgesäit. An dofir fannen ech och, et wiere weider Moossnamen erfuerdert fir deem Usproch méi nozekommen, an zwar wier dringend erfuerdert eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung op d'35-Stonne-Woch, wann net souguer drënner, an et wier erfuerdert dass an de Quartieren an an den Dierfer géife kollektiv Ariichtunge geschafe ginn am Interesse vun de Familljen, wéi zum Beispill Geschäfter, Crèchen, Guichet unique vun Administratiounen an esou virun. Dat wiere konkret Moossnamen, wou och déi beruffstäteg Leit, déi zu zwee schaffe ginn, konkret eppes dovun hätten.

Et si jo géint déi hei Moossnam, déi jo elo definitiv am Gesetz verankert gëtt, grouss Widderstänn gi vum Patronat. Et war jo och am Gesetz vun 1999 eigentlech virgesi fir nëmme méi d'Halschent ze loossen no 2003 vun deem Congé parental. Dat konnt elo verhënnert ginn, dofir ass dat eng Moossnam déi mäin Accord fënnt.

Net d'accord sinn ech mat zwee anere Punkten. Dat ass éischtens d'Flexibiliséierung, déi mam Gesetz vun 1999 agefouert ginn ass an déi vun eis ëmmer ganz schaarf, an zwar vun Ufank un, kritiséiert ginn ass, well se am Intérêt vun de Betriber agefouert gëtt, andeem d'40-Stonne-Woch ganz staark opgeweecht gëtt, andeem och aner maximal Aarbechtszäiten, déi am Aarbechtsgesetz stoungen, zimlech décisif opgeweecht ginn, doduerch dass ganz laang Referenzperioden agefouert ginn duerch déi soll geséchert ginn, dass dann op eng länger Dauer déi maximal Aarbechtszäite garantéiert ginn, an net während der Woch oder während dem Dag oder während dem Mount, an andeem eng ganz Rei vun aneren Ausnahmeregelungen agefouert gi sinn, an dodrënner waren och verschidde Saachen déi hu missen no de Wahlen direkt redresséiert ginn, well se esou abwegeg waren, dass dat huet misse ganz séier geschéien, ee Joer no deem dat Gesetz eréischt votéiert gi war, kuerz virun de Wahlen.

Wichteg ass bei deem PAN-Gesetz vun 1999 ze wëssen, dass keng Géigeleeschtung fir déi Leit, déi schaffe ginn, dermat verbonne war. Et ass zum Beispill net zu enger Aarbechtszäitverkierzung komm zesumme mat der Flexibiliséierung, wéi dat awer an anere Länner wéinstens usazweis de Fall war. An dofir bleiwen ech och der Meenung, dass dat PAN-Gesetz vun 1999 e Marché de dupes war. Dat ass och agesi gi vun anere Leit. Ech zitéieren hei aus engem gemeinsamen Avis vun OGB-L an LCGB, dee gesot huet: « L'attitude patronale négative dans les négociations collectives est combinée à une loi qui rend possible une flexibilisation très avancée de l'organisation du temps de travail, rend réel le risque d'une dérégularisation du temps de travail et d'une détérioration fondamentale des relations sociales. » Dat soen net ech, dat soen hei déi gréisste Gewerkschaften am Land. An et ass och richteg dass se…

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här Urbany, wësst Dir net dass den OGB-L an den LCGB an der Tripartite sëtzen?

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo. Dee Widdersproch, Här Jaerling, läit da vläicht beim OGB-L a beim LCGB, bei mir läit en net. Ech zitéiere just wat déi Gewerkschafte gesot hunn, no deem se dee Marché de dupes do, deen iwwregens och hei an der Chamber ratifizéiert ginn ass deemools, agaange sinn. Méi hunn ech net gesot. Ech si mat mir selwer ganz am Rengen. Do kënnt Der ganz berouegt sinn.

***(Interruption)***

Wann Der mer nach e bësse Riedezäit iwwert mäi Kont gitt, dann hunn ech guer kee Problem mat

d'Chamber online op
**www.chd.lu**
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live **Chamber TV**
och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

**an der Stad:** *um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens)* **zu Esch:** *um Kanal S40 (455.25 MHz)*
**zu Déifferdeng:** *um Kanal S 29* **zu Diddeleng:** *um Kanal S 32*
**an der Gemeng Nidderaanven:** *um Kanal S 29*

Iech eng Diskussioun iwwert déi Froen do ze féieren. Am anere Fall géif ech Iech awer biede mech weiderfueren ze loossen.

Dat Zitat weist och drop hin, dass op där enger Säit iwwer Kollektivverträg näischt ze erreechen ass, an op där anerer Säit d'Gesetz esou schlecht ass, dass et nëmmen Avantagë fir déi eng Säit bréngt. Dat schéngt mer zimlech kloer ze sinn. Ech sinn also radikal dergéint, dass déi Flexibiliséierungsmoossnamen do och nach weidergefouert gi bis zum Joer 2007. Ech sinn och net dermat d'accord mat deenen Aiden, déi elo hei sollen definitiv ageschriwwe ginn an d'Gesetz, un d'Betriber, quitte dass de But vläicht vun deenen Aiden, fir eng gewësse Gläichberechtegung vun de Geschlechter ze erreechen, luewenswäert ass, mä ech hu prinzipiell Bedenke géint Aiden an engem ganz groussen Ausmooss, wéi se jo awer an deene leschte Jore massiv agefouert gi si fir Betriber.

Ech fannen, wann een dat esou kuckt, Dir Dammen an Dir Hären, da mengt ee bal zu Lëtzebuerg wär eng nei Aarmut ausgebrach, déi besonnesch grave ass, an dat wier déi vun de Patronen. Fir produktiv ze sinn am Interesse vum Land musse se Suen, fir et elo emol e bësse vulgär ze soen, hannen a vir agestach kréien, d'Patronen, an dat ënnerscheet si jo awer vun deene Leit, déi géint Loun schaffe ginn, well déi mussen esou knapp wéi méiglech gehale ginn, fir dass se net solle liddereg ginn.

***(Interruptions)***

Dat ass e fundamentalen Ënnerscheed awer, deen et hei am Land gëtt. Dee muss een awer och emol eng Kéier festhalen. Dofir, vu dass ech fir déi eng Moossnam sinn, ech awer fir déi zwou aner Moossnamen net kann antrieden hei, hunn ech jo bal nëmmen d'Méiglechkeet vun der Enthaltung, ausser et kënnt e Vote séparé zu deenen eenzelne Punkte vun dësem Gesetz.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll emol fir d'éischt dem Marcel Glesener merci soe fir dee Bericht, deen net nëmmen ausféierlech ass, mä deen hien och effektiv a ganz kuerzer Zäit verfaasst huet. Hien huet och hei mëndlech eigentlech alles wierklech gesot ëm wat et geet. Ech ginn dofir och net méi op alles an, mä ech huele just Stellung zu e puer Saachen, déi hei gesot gi sinn.

Dat éischt ass emol d'Verhältnis Tripartite a Chamber. Huet d'Chamber hei näischt méi ze soen? Wat ass d'Roll vun der Tripartite? Déi Fro war doudsécher berechtegt wéi mer dat grousst PAN-Gesetz 1999 hei gestëmmt hunn, well eng ganz Partie Saachen an dem grousse Pak, e gudde Pak hunn ech jo haut nach héieren, gestëmmt goufen, déi an der Tripartite erauskoumen, mä déi elo net onbedéngt direkt an der Kompetenz vun de Sozialpartner leien. Wa mer elo kucken ëm wat et an dësem Rumpfprojet hei geet, da sinn et zwou Saachen haaptsächlech, ofgesi vum Sexe sous-représenté, dat ass awer elo méi e mineurë Punkt, dass dee verlängert gëtt, mä e muss jo souwisou reforméiert ginn, an dat kënnt jo beim zweeten Déngen no.

***(Interruption)***

Mineurë Punkt an der Discussion politique, Madame Wagener. Huelt do all meng Excusen un. Ech kommen nach eng Kéier drop zréck.

Et geet ëm zwee wichteg politesch Punkten, deen een ass de Congé parental, dat anert ass d'Flexi-sécurité.

Congé parental, dat ass eng Aufgab um europäesche Plang vun de Sozialpartner, an ech fannen et nëmme richteg, dass just op deem Punkt, well et war en europäeschen Accord tësche Sozialpartner, deen de Congé parental verfaasst huet, dass do d'Sozialpartner versichen doriwwer eens ze ginn. Dat war schwiereg 1998. Dofir ass en dunn an de PAN mat eriwwergeholl ginn an do huet en eng Nues kritt, déi de Congé parental iwwerhaapt net huet, mä do hu mer gesot, ma dat ass och wichteg fir d'Aarbechtsmaartpolitik. Dat ass net d'Zil vum Congé parental, dat ass en Nieweprodukt, dat kann en Nieweprodukt sinn. Den Alexandre Krieps huet d'Zuele genannt. Et sinn der wéineg, déi direkt eng Aarbechtsplaz fonnt hunn, mä vun deenen, déi eng Aarbechtsplaz fonnt hunn, an dat ass awer richteg, haten der vill esou eng Chance kritt fir defintiv ze bleiwen.

Et dierf een awer net vergiessen, dass mer de Congé parental elo an enger Zäit haten, wou mer Pénurie de main-d'oeuvre wierklech manifeste haten, mir hunn der nach ëmmer. Mä mir hate se manifeste, wat och erkläert, dass een ebe Schwieregkeeten hat Leit ze fannen, wat nach wie vor erkläert wuerfir virun allem déi kleng Betriber géint de Congé parental am Allgemenge sinn, mä et ass en Accord tëschent den europäesche Sozialpartner.

Déi eenzeg Fro, déi sech elo zu Lëtzebuerg gestallt huet, dat war: Gi mer op dräi Méint zréck, wéi d'Gesetz vun 1999 et virgesinn huet, oder bleiwe mer bei sechs Méint fir d'Zukunft an da musse mer en neit Gesetz maachen? An do si mer eis eens ginn, dass mer gesot hu mir bleiwe bei sechs Méint. Bei deem Projet, deen elo nach kënnt, wou de Congé parental méi einfach gemaach gëtt, do wäerte mer versichen enger Partie vu berechtegte Fuerderunge vun de Betriber, fir dat kënne besser ze géréieren, entgéint ze kommen.

Mä nach eng Kéier, de Congé parental betrëfft d'Sozialpartner an do solle si och federführend sinn. Si hunn, Här Bausch, effektiv net gelaut op déi Virschléi vum KPMG, et ass do keen Accord komm. Ech mengen nach wie vor, dass een och de Sozialpartner soll Politik iwwerloossen, do wou et si direkt betrëfft, an dat ass haaptsächlech dat wat am Betrib selwer leeft.

Cette année, des problèmes au niveau du traitement informatique des données sont à l'origine du retard de la publication de la liste des manuels. En effet, plus de 5.000 programmes scolaires sont à gérer et la seule liste des manuels compte à peu près 3.000 entrées. Ces données sont saisies par les responsables des commissions nationales et validées par les collaborateurs de mon département. La mise en œuvre de cette procédure causa plus de problèmes que prévu, mais néanmoins la publication de la liste des manuels a pu se faire dans un délai qui permet aux libraires de s'approvisionner à temps pour la rentrée scolaire. Les responsables de la Fédération des Libraires m'avaient demandé de leur transmettre la liste des manuels scolaires pour le 9 juillet, délai qui a été respecté.

Les objectifs pédagogiques définis par le programme déterminent le choix de tout manuel scolaire.

Question 2303 (28.7.2003) de M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)* concernant le **compte épargne-logement en faveur de chaque nouveau-né**:

La loi du 8 novembre 2002 ayant modifiée et complétée la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement a annoncé la création d'une aide épargne-logement.

Un règlement d'exécution devait autoriser l'Etat à verser en faveur de chaque nouveau-né et ceci rétroactivement à la mise en vigueur de la nouvelle loi à partir du 8 novembre 2002 un montant de 100 euros sur un compte d'épargne-logement.

J'aimerais dès lors savoir de Monsieur le Ministre si les pourparlers avec les banques intéressées ont enfin abouti?

Monsieur le Ministre maintient-il son intention de verser cette aide à tous les enfants de moins de six ans?

Cette aide sera-t-elle versée automatiquement ou est-ce que les familles concernées devront introduire une demande en vue de son obtention?

Réponse (12.8.2003) de M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement:*

En effet, la loi du 8 novembre 2002 ayant modifié et complété la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement a introduit une aide d'épargne-logement généralisée. Comme souligné dans la réponse à la question parlementaire n° 2062 du 28 février 2003 et concernant le même sujet, il s'agit d'une mesure destinée à réactiver la garantie de l'Etat, déjà prévue par la loi de 1979, laquelle est actuellement très peu sollicitée. En vertu des articles 3 et suivants de ladite loi de 1979, au cas où un emprunteur ne pourrait fournir aux organismes prêteurs des garanties propres jugées suffisantes par ceux-ci, l'Etat est autorisé à garantir partiellement le remboursement de prêts hypothécaires consentis à des personnes physiques en vue de l'acquisition, de la construction, de la transformation ou de l'amélioration d'un logement servant d'habitation principale et permanente à l'emprunteur, à son conjoint ainsi qu'à leurs ascendants et descendants respectifs qui vivent dans le même ménage.

Or, dans beaucoup de cas, les ménages n'ont pas suffisamment épargné pour pouvoir faire appel à la garantie de l'Etat. Pour que ces ménages soient à l'avenir plus à même pour remplir les conditions relatives à l'épargne exigées pour l'obtention d'une garantie de l'Etat et pour rendre les gens plus conscients de l'importance d'épargner, cette aide d'épargne-logement généralisée a été introduite dans la législation de 1979.

Les pourparlers avec les banques, intéressées à mettre en place un tel produit d'épargne approprié, sont toujours en cours. Dès leur achèvement, les modalités de détail seront inscrites dans un règlement d'exécution sur base duquel il sera possible à l'Etat de verser en faveur de chaque nouveau-né et ceci à partir de l'entrée en vigueur de la prédite loi du 8 novembre 2002 un montant de 100 euros sur un compte épargne-logement, ceci en vue de le faire bénéficier, le cas échéant, d'une garantie de l'Etat lui permettant de contracter un prêt hypothécaire en vue d'accéder à la propriété d'un logement.

D'ores et déjà, il peut être indiqué que cette aide sera versée sur base d'une demande et qu'il est prévu d'accorder aux parents un délai de six ans après la naissance de leur enfant pour faire une telle demande et pour ouvrir un compte épargne-logement.

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

*d'Chamber*

*online*

*op*

**www.chd.lu**

**Compte rendu des séances publiques**
**N° 22 – Session ordinaire 2002-2003**

74e séance, jeudi 17 juillet 2003
75e séance, jeudi 17 juillet 2003

# Chambre des Députés

LUXEMBOURG

*Après la Conférence de l'OMC à Cancún (Mexique):*

## Ni échec - ni succès!

La Conférence de l'Organisation Mondiale du Commerce (OMC) s'est terminée sans résultat concret. Faut-il s'en réjouir, comme d'aucuns le font? Certainement pas! Cancun n'était ni succès, ni échec. Au cours d'un point de presse commun à leur retour du Mexique, les deux députés luxembourgeois présents à la Conférence, MM. Laurent Mosar et Jean Huss, ont préféré qualifier le rendez-vous d'"étape transitoire" ou encore de "moratoire" dans la quête d'un compromis: "Les négociations au sein de l'OMC continueront après Cancún. Mais pour aboutir, elles devront se dérouler dorénavant de manière plus transparente!"

MM. Mosar et Huss ont fortement déploré ce déficit démocratique qui caractérisait la Conférence, tout comme il caractérise le travail de l'OMC en général: réunions à huis clos, peu d'informations, aucun contrôle parlementaire,... autant de raisons à inspirer peu de confiance à un nombre croissant de pays membres de l'Organisation.

Selon les députés luxembourgeois, un accord multilatéral redéfinissant de manière équitable les règles du commerce entre les pays industrialisés et les pays en voie de développement reste possible - malgré Cancún - même si les délais envisagés (accord final avant fin 2004, ndlr) ne pourront très certainement pas être respectés. Pour M. Huss, il va sans dire qu'un tel accord ne se fera pas sans solutions en matière d'agriculture.



*M. Laurent Mosar et M. Jean Huss*

Finalement, les deux députés ont insisté sur la nécessité d'une plus grande prise de conscience de l'enjeu des négociations - dans l'opinion publique, mais également dans le milieu politique national - sachant que les règles dictées par l'OMC priment le droit national, voire européen. Voilà pourquoi ils suggèrent l'organisation d'un débat annuel à la Chambre des Députés sur le vaste sujet du commerce mondial. Le premier devrait avoir lieu en octobre ou novembre.

*Visite du Président de l'Assemblée de l'UEO:*

## Entrevue collégiale

Que le Président d'une Assemblée parlementaire internationale soit reçu dans l'enceinte d'un Parlement national n'a rien d'extraordinaire. Mais que ce Président soit également membre de l'institution qu'il visite, est beaucoup moins habituel. Le 16 septembre passé, c'était pourtant le cas à la Chambre des Députés, où une délégation de parlementaires luxembourgeois présidée par M. Jean Spautz recevait le Président de l'Assemblée de l'UEO, à savoir M. Marcel Glesener.

M. Marcel Glesener a été élu à la tête de l'Assemblée de l'Union de l'Europe occidentale (UEO) le 3 juillet dernier. Au cours d'un entretien collégial (au sens propre du terme), les délégations de l'UEO et de la Chambre des Députés ont discuté de politique commune de sécurité et de défense européenne, le "chantier le moins avancé de l'Union européenne" comme s'est exprimé M. Ben Fayot - un avis qui n'était d'ailleurs pas contesté.

Les entretiens ont également porté sur l'avenir de l'UEO en général et de son Assemblée parlementaire en particulier. En effet, l'Union de l'Europe occidentale est quelque peu en quête d'une nouvelle identité suite au démantèlement de ses compétences décidé sous la Présidence française au second semestre 2000.

La Chambre des Députés était représentée par son Président M. Jean Spautz, ainsi que par Mme Mady Delvaux-Stehres et MM. Ben Fayot, Gusty Graas et Norbert Haupert. M. Marcel Glesener était accompagné de M. Colin Cameron, Secrétaire général, et de M. Roger Loutz, Secrétaire général adjoint de l'Assemblée de l'UEO.



*Dépôt du projet de budget pour l'exercice 2004:*

## La dernière ligne droite



*Le Président de la Commission des Finances et du Budget, M. Lucien Weiler remet le projet de budget pour l'exercice 2004 au rapporteur, M. Jean-Marie Halsdorf (à gauche)*

Chaque année, le dépôt du projet de budget marque la reprise des travaux parlementaires. L'année 2003 ne fait pas d'exception. Le 10 septembre à 10.30 heures, la Chambre a officieusement lancé l'année parlementaire, la dernière avant les élections du 13 juin prochain. L'ouverture officielle de la session 2003-2004 aura lieu - comme le prévoit notre Constitution - le deuxième mardi du mois d'octobre, c'est-à-dire le 14 octobre 2003 à 15.00 heures précises.

Au cours de la séance de dépôt du projet de loi 5200 - mélange entre réunion d'information à l'attention des député(e)s et conférence de presse - MM. les Ministres d'Etat et des Finances et du Budget ont remis le projet volumineux au Président de la Chambre des Députés, M. Jean Spautz, qui en a saisi de suite la commission parlementaire compétente, la Commission des Finances et du Budget présidée par M. Lucien Weiler. Celle-ci avait désigné M. Jean-Marie Halsdorf rapporteur du dernier projet de budget de la législature.

Un projet dont la préparation était "particulièrement difficile" vu le contexte économique peu favorable, comme l'a rappelé le Ministre du Budget M. Luc Frieden au cours de son exposé, avant d'insister sur "la grande retenue" que le Gouvernement s'était imposée - retenue que le Premier Ministre M. Jean-Claude Juncker qualifiait même de "prudence extrême".

Rappelons que le projet de budget pour 2004 prévoit des dépenses de 6.477,9 millions d'euros et des recettes de 6.390,1 millions d'euros, soit un déficit de 87,8 millions d'euros.

| | **2003**<br>**Budget définitif** | **2004**<br>**Projet de budget** | **Variation en %** |
|---|---|---|---|
| **Budget courant** | | | |
| Recettes courantes | 6.305,3 | 6.161,8 | -2,28% |
| Dépenses courantes | 5.521,4 | 5.802,8 | 5,10% |
| Excédents | 783,9 | 359,0 | ... |
| **Budget en capital** | | | |
| Recettes en capital | 44,4 | 228,3 | 414,19% |
| Dépenses en capital | 827,9 | 675,1 | -18,46% |
| Excédents | -783,5 | -446,8 | ... |
| **Budget total** | | | |
| Recettes totales | 6.349,7 | 6.390,1 | 0,64% |
| Dépenses totales | 6.349,3 | 6.477,9 | 2,03% |
| Excédents | +0,4 | -87,8 | ... |

(en millions d'euros)

(SIP)

## Ordre du jour

1. 5059 - Projet de loi
   1) portant création de l'Université du Luxembourg;
   2) modifiant la loi du 31 mai 1999 portant création d'un fonds national de la recherche dans le secteur public;
   3) abrogeant la loi du 11 août 1996 portant réforme de l'enseignement supérieur;
   4) modifiant la loi du 6 août 1990 portant organisation des études éducatives et sociales;
   5) modifiant la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;
   6) modifiant la loi du 6 septembre 1983 portant
   a) réforme de la formation des instituteurs,
   b) création d'un Institut Supérieur d'Etudes et de Recherches Pédagogiques et
   c) modification de l'organisation de l'éducation préscolaire et primaire;
   7) modifiant la loi du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

   4540 - Proposition de loi autorisant le gouvernement à créer
   1. l'établissement public "Université européenne Terres Rouges" et
   2. autorisant cet établissement public à participer comme membre fondateur au groupement européen d'intérêt économique "Campus universitaire européen Terres Rouges" à Esch-sur-Alzette

   *(Rapports de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mmes Erna Hennicot-Schoepges et Anne Brasseur, Ministres.

***(Début de la séance publique à 9.04 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Matdeelung ze maachen?

***(Négation)***

Dat ass net de Fall.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5059 iwwert d'Universitéit vu Lëtzebuerg, zesumme mat der Proposition de loi 4540 iwwert d'Schafung vun engem Etablissement public «Université européenne Terres Rouges».

D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Fayot, Schroell, Greisen, Urbany, d'Madame Delvaux, déi Häre Krieps a Bettel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein.

1. 5059 - Projet de loi

1) portant création de l'Université du Luxembourg

2) modifiant la loi du 31 mai 1999 portant création d'un fonds national de la recherche dans le secteur public

3) abrogeant la loi du 11 août 1996 portant réforme de l'enseignement supérieur

4) modifiant la loi du 6 août 1990 portant organisation des études éducatives et sociales

5) modifiant la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

6) modifiant la loi du 6 septembre 1983 portant

a) réforme de la formation des instituteurs,

b) création d'un Institut Supérieur d'Etudes et de Recherches Pédagogiques et

c) modification de l'organisation de l'éducation préscolaire et primaire

7) modifiant la loi du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

4540 - Proposition de loi autorisant le gouvernement à créer

1. l'établissement public „Université européenne Terres Rouges“ et

2. autorisant cet établissement public à participer comme membre fondateur au groupement européen d'intérêt économique „Campus universitaire européen Terres Rouges“ à Esch-sur-Alzette

***Rapports de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture***

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir Damme Ministeren, ech muss soen, haut schléisse mer eng honnertjähreg Debatt of, eng Debatt iwwert d'Opportunitéit vun enger eegener Universitéit zu Lëtzebuerg. D'Debatt ass eriwwer, well mer elo eng Universitéit an eist Land kréien, an dat ass och ganz gutt esou. Mir kënnen a mir sollen dëse Moment duerchaus als historesch fir Lëtzebuerg bezeechnen.

Et ass e couragéierte Schrëtt, deen d'Madame Hennicot gemaach huet, mä et ass e Schrëtt, dee gutt iwwerluecht ass. Et ass e Schrëtt, deen eist Land a senger Entwécklung wäert weiderbréngen an deen nei Modeller schaaft an der Lëtzebuerger Héichschoulpolitik. Et ass e Projet, deen op déi Atoutë setzt a baut, déi eist Land haut auszeechnen. D'Uni Lëtzebuerg wäert hir Roll an der wirtschaftlecher Entwécklung spillen, an hei virun allem um Niveau vun der ökonomescher Diversifizéierung.

Et ass e Projet, dee sech un de Virgabe vun der Europäescher Unioun orientéiert, déi hirersäits en ambitiéist Zil verfollegt, an ech zitéieren: «devenir l'économie de la connaissance la plus compétitive et la plus dynamique du monde, capable d'une croissance économique durable accompagnée d'une amélioration quantitative et qualitative de l'emploi et d'une plus grande cohésion sociale». D'Uni Lëtzebuerg ass aus dësem Verständnis eraus net nëmme vun nationalem Interesse, mä e Beitrag fir den Zilsetzunge vum Lissaboner Sommet vum Mäerz 2000 an doriwwer eraus den Objektiver aus dem Prozess vu Bologna gerecht ze ginn, an deem sech net manner wéi 29 europäesch Staten, dorënner Lëtzebuerg, dozou verflicht hu fir en eenheetlechen europäeschen Héichschoulraum ze schafen.

Här President, éier ech weiderfuere wéilt ech als Rapporteur e puer Wierder verléieren iwwert déi gutt Aarbecht, déi am Kader vun dësem Projet geleescht gouf. Den 3. Dezember 2002 huet d'Madame Hennicot, Minister vum Enseignement supérieur, de la Culture et de la Recherche, de Projet de loi 5059 am Parlament deponéiert. Mä schonns virdrun, virun deem Dépôt do, den 18 November, hat d'Kommissioun zwee Expären ageluede fir iwwert de Projet de loi ze schwätzen.

Et waren dat de Luc Weber, ancien recteur vun der Université de Genève an den Här Roger Downer, President vun der University of Limerick an Irland. Weider hu mer den Här Lucien Capella, ancien recteur vun der Universitéit d'Aix-Marseille héieren, an zwar den 10. Mäerz bei Geleeënheet vun eisem ganzdeegegen Hearing, dee mer organiséiert hate mat Beruffschamberen, Associatiounen, déi hir Meenung zum Projet konnten ervirbréngen.

D'Kommissioun huet sech a 16 Sitzunge mat dem Projet de loi ausernee gesat. Mir hunn, an dat ass extra ervirzehiewen, Artikel fir Artikel, an et kann ee soen le crayon à la main, duerchgeholl, eng ganz gewëssenhaft Aarbecht gemaach, wat dozou gefouert huet, datt mer bis de 14. Mee 55 Amendementer adoptéiert haten, déi dem Statsrot den 21. Mee zougestallt goufen. Eng zweet Serie vun Amendementer, 12 dës Kéier, sinn den 18. Juni un de Statsrot gaangen.

Ech wëll och emol eng Kéier, dat gëtt oft vergiess, mä ech wëll hei dem Statsrot merci soen, datt hien trotz eise villen Amendementer, 67 un der Zuel, eis dach nach a leschter Minutt säin Avis zougestallt huet. De schréftleche Rapport ass den 11. Juli an der Kommissioun ugeholl gi mat de Stëmme vun der Majoritéit.

Verschidde Membere vun der Oppositioun hunn d'Kritik ubruecht, dass eigentlech d'Aarbechte vun der Kommissioun an deem Rapport net zum Droe komm wären. Ech hu fonnt, dat war eng ganz verstänneg Iddi, eng ganz verstänneg Propos an d'Kommissioun ass och deem Wonsch nokomm. Wuel waren d'Aarbechte vun der Kommissioun beim Commentaire des articles eenzel erwähnt, mä et ass scho gutt, an ech sinn deene Leit dankbar, déi dat gefrot hunn, dass mer elo ee Kapitel iwwert d'Aarbechte vun der Kommissioun am Rapport hunn. Dëse Rapport complémentaire ass dunn och mat alle Stëmmen, mat Ausnahm vun enger, ech wëll den Numm elo net soen - ech hat jo op déi richteg Säit gekuckt - ugeholl ginn.

D'Aarbechten an der Kommissioun hu wierklech Freed gemaach a si beweisen, wat eng Chamberkommissioun, wa se seriö a kontinuierlech un engem Text schafft, zesummen als hiren eegenen Apport erabréngе kann. Dat war eng eemoleg Erfahrung muss ech soen. Schéi wär et, dat ass dat wat ech aus där Erfahrung kann zéien, wa mer all eis Gesetzestexter an deemselwechte konstruktiven, kolleegialen a souguer frëndschaftleche Klima kéinten iwwert d'Bühn bréngen. Merci alle Membere vun der Kommissioun fir hiert Matschaffen a fir hire gudde Wëllen.

Merci, der Madame Hennicot. Si war a ville Sitzungen dobäi, mä Si war besonnesch do, an dat war dat Wichtegst, wann et geheescht huet Décisiounen ze huelen a si huet sech äusserst flexibel gewise bei eisen Amendementer, well soss wäre mer sécher net esou wäit wéi mer haut sinn.

Merci och hiren zwee Fonctionnairen aus dem Ministère, dem Här Dondelenger an der Madame Faber, äusserst kompetent Fonctionnairen, déi och an der Kommissioun mat vill Gedold eng helle Wull vu Froe beäntwert hunn an nimools gesot hunn: Dat do ass awer eng Fro! Also wierklech, ech hunn déi zwee Beamten do bewonnert.

Merci och eise Mataarbechter am Pool vun der CSV-Fraktioun a merci der Kommissiounssekretärin.

Här President, léif Kolleegen, als éischt wëll ech op eng ganz Partie Acquisen agoen, déi den Héichschoulstanduert ausmaachen an déi ouni Zweifel hiren Afloss hunn op d'Uni Lëtzebuerg. Och wann et bis haut zu Lëtzebuerg nach ni eng Uni ginn ass, esou kënne mer dach op eng kleng a bescheiden Héichschoulkultur opbauen, an d'Ofschafe vum 96er Héichschoulgesetz war eng wichteg Zwëschenetapp a Richtung Uni Lëtzebuerg.

Wat beispillsweis d'Studentenzuel ugeet, déi an der zukünfteger Uni sollen hir Studien absolvéieren, esou agencéiert déi sech ëm eng Gesamtawunnerzuel vu 500.000. Am akademesche Joer 2001/2002 ware ronn 3.000 Studenten an de Lëtzebuerger Héichschoulen ageschriwwen. D'Zuel vun de Studenten, déi beim Stat eng finanziell Hëllef ugefrot hunn, loung bei 5.700. No der Volkszählung vun 2001 duerch de Statec huet eist Land elo ronn 7.700 Studenten. D'Uni Lëtzebuerg huet nom Entwécklungsplang wëlles 4.000 Studenten an engem Zäitraum vu siwe Joer an 8.000 an engem Zäitraum vu 15 Joer bei sech wëllkomm ze heeschen.

Wéi schonn erwähnt gëtt d'Gesetz vun 1996 duerch den neien Text ausser Kraaft gesat an déi existéierend Formatiounen an Ofschlëss gi weider während der Iwwergangsphas bis 2007/2008, respektiv 2008/2009 ugebueden. Wat den ISERP awer ubelaangt, esou ass virgesinn d'Formatioun enger Reform ze ënnerzéien, déi mat engem Bachelor professionnel ofgeschloss gëtt. Datselwecht gëllt fir d'Etüde vum Educateur gradué, déi am Moment um IES zu Léiweng ënnerbruecht sinn, déi kënnen och do ofgeschloss ginn, mä den IES wäert op en anere Site transféréiert ginn, a fir en net ze nennen, et ka jo bal nëmme Walfer sinn.

Och an der Recherche hu mer an de leschte Jore Schrëtter ënnerholl fir de Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg auszebauen. Ech erënneren an dësem Kontext un d'Gesetz vum 9. Mäerz 1987 iwwert d'Fuerschung an déi technologesch Entwécklung am Kader vun den CRPen. An der Zwëschenzäit sinn hei Fuerschungsresultater entstanen, déi e wegweisende Charakter hunn.

Mam Gesetz vum 31. Mee 1999 iwwert de Fonds national de la recherche, deen innovativ Programmer betreit an initiéiert, krut d'Recherche e weideren Opdriff. Säit 1999 huet eist Land en Héichschoul- a Fuerschungsministère. Am Koalitiounsaccord vum August 1999 huet d'Regierung sech den Objectif gesat d'Part vum PIB fir Investitiounen an d'Fuerschung op e Prozentsaz vun 0,3% am Joer 2004 eropzehiewen. Et geet drëm, besonnesch mat Hëllef vun der Uni Lëtzebuerg, de Standuert Lëtzebuerg fir d'Fuerschung nach méi attraktiv ze maachen.

Duerch d'Kooperatioun tëschent der Uni Lëtzebuerg, dem Fonds national de la recherche, den CRPen, esouwéi mat de grousse Firmen, kann de Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg zu deem ginn, wat mer am Koalitiounsaccord vun 1999 festgehalen hunn. Wat d'Kollaboratioun vun der Uni mat de Lëtzebuerger Fuerschungsinstitutiounen ubelaangt, esou huet d'Kommissioun drop gehalen, datt d'Institutiounen aus dem Gesondheetsberäich missten an d'Gesetz integréiert ginn, an zwar de Statslaboratoire an de Centre Hospitalier.

An elo zu der Europäescher Kommissioun, déi an deem Kontext seet, an do ass d'Zitatioun vum 5. Februar 2003: «Les universités se situent au croisement de la recherche, de l'éducation et de l'innovation et détiennent la clé de l'économie et de la société de connaissance.» Grad aus dësen Iwwerleeungen eraus ass et evident, datt d'Regierung d'Uni Lëtzebuerg an engem gesamteuropäesche Kontext muss gesinn.

Här President, ech hu versicht an dësen Ausféierungen op de Kontext anzegoen an dee sech déi zukünfteg Uni Lëtzebuerg afüge wäert, an dat, well et wichteg ass dës Prémissen am Aen ze behalen, wann et an den nächste Méint lassgeet an d'Uni Lëtzebuerg mat Liewen erfëllt gëtt.

En éischt grouss Kapitel, an dat ass déi éischt Fro, déi ee sech ka stellen: Wéi gesäit d'Uni Lëtzebuerg aus?

Si besteet aus dräi Fakultéiten:

1. Droit, Ekonomie a Finanzen;

2. Sciences, Technologie, Kommunikatioun;

3. Lettres, Sciences humaines, Arts, Sciences d'éducation.

D'Fakultéite vum Droit an déi vun de Sciences, der Technologie an der Kommunikatioun si par excellence déi Fakultéiten, déi hëllefe Standuertpolitik ze maachen. Dat heescht, déi vum Droit, der Ekonomie an de Finances kënne sech jo op d'Bankeplaz, op europäesch Institutioune stäipen, an déi vun de Sciences, der Technologie an der Kommunikatioun hunn zum Beispill den Technoport Schlassgoart.

D'Fakultéit vun de Lettres, den Sciences humaines, den Arts an de Sciences d'éducation ass déi, déi hëlleft d'Gesellschaft weider ze dreiwen an och ze erforschen, sief dat iwwert d'Geschicht, sief dat iwwert d'Geographie, sief dat am Allgemengen iwwert eis Schoul, mä déi soll den Enseignement erfuerschen.

A fir datt mer an der Uni keng Maueren opbauen a fir datt d'Leit matenee schaffen a schwätzen, ass et wichteg, datt mer eis do dernieft och nach a Centres interdisciplinaires erëmfannen.

Déi zweet grouss Fro: Wat fir Diplomer kréien d'Studenten?

Et gëtt dräi Niveauen: De Bachelor, de Master an den Dokter.

Et kann ee sech froe firwat elo déi englesch Terminologie. Do ass d'Äntwert, datt mer jo wëllen d'Uni

an de Prozess vu Bologna setzen. Ech erënneren drun, datt Lëtzebuerg zu deenen 29 Länner gehéiert, déi 1999 d'Deklaratioun vu Bologna ënnerschriwwen hunn. Déi an der Zwëschenzäit 31 Länner, virdru waren et der 29, wëlle bis d'Joer 2010 de Prozess vu Bologna ëmgesat hunn. En attendant behale mer och eng Phase de transition bäi, wou d'Uni kann Diplomer wéi zum Beispill d'Maîtrise ubidden. D'Maîtrise, dat si véier Joer. Dat ass net datselwecht wéi de Master, dee fënnef Joer huet. An dësem Fall hu mer also de Prinzip vun der Virsiicht ugewannt. Dat erlaabt eis och déi al Diplomer gëuerdnet auslafen ze loossen.

E weideren Aspekt, deen déi Uni an den europäesche Kontext setzt, ass d'Aféierung vun ECTS-Kreditter. ECTS ass d'Ofkierzung fir European Credit Transfer Systems. De Bachelor entsprécht 180 bis 240 Kreditter. De Master 60 bis 120 Kreditter, awer nom Bachelor.

Wat sinn elo d'Avantagë vun dësen ECTS-Kreditter? Mir definéieren d'Studien net méi duerch d'Dauer, mä duerch dat, wat ee muss wësse fir en Diplom ze kréien. Mir brauchen och ECTS-Kreditter, fir datt eis Studenten op aner Unië kënne weider studéieren ouni Zäit ze verléieren. D'Organisatioun vum System ECTS erlaabt et och, datt d'Mobilitéit net méi à sens unique geet, mä datt och auswäerteg Studente sollen op Lëtzebuerg kommen.

D'Mobilitéit vun eise Studente muss erhale bleiwen, well et wichteg ass, datt si sech de Bléck op auslännesch Kulturen a virun allem op aner Héichschoulsystemer am Ausland net verwieren. Duerfir ass am Kader vun de Formatiounen, déi op der Uni Lëtzebuerg ugebuede ginn, eng Period virgesinn, wou d'Studente mussen op eng auslännesch Uni goen. Dat war an der Kommissioun. Et ass en Amendement do, dee vun der Majoritéit komm ass, mä deen net unanimement ugeholl ginn ass. Am ursprünglechen Text war et esou, datt eng gewëssen Zäit am Ausland fir all Niveau virgeschriwwe war.

D'Kommissioun huet fonnt, datt dës Virschrëft mat villen Nodeeler a Schwieregkeete fir d'Studente verbonne wier. Op déi Manéier hätt zum Beispill e Student, deen en Dokter mécht, misse während deenen dräi Niveauen dräimol eng Wunneng sichen, dräimol plënneren, wat sécher vill Käschten an och sécher vill Zäitverloscht mat sech bruecht hätt. Dofir huet d'Kommissioun deen Amendement erabruecht vun deem ech virdru geschwat hunn, dat heescht all Student muss eemol am Ausland sinn an deenen éischte Joren, an zwar virun dem Diplom vum Bachelor. Vun deene Studenten, déi spéider wëlle Sproochen enseignéieren, gëtt allerdéngs erwaart, datt se sech an engem Land op d'Uni aschreiwen, wou déi Sprooch och permanent geschwat gëtt.

En drëtt grousst Kapitel. Wéi gesinn d'Programmer op der Uni Lëtzebuerg aus?

Eng weider Charakteristik vun der Uni ass, datt se ënner engem Daach eng professionell an eng akademesch Filière ubitt. Déi akademesch Filière mat klasseschem universitären Unterrecht ass eng theoretesch a wëssenschaftlech, méi wëssensorientéiert Formatioun, während déi professionell Filière direkt op e Beruff virbereet. Dat do ass selbstverständlech och vill diskutéiert ginn, mä ech ginn ze bedenken, datt dat haut eigentlech schonn esou ass.

Mir hunn haut op franséischen Unien en DEA, en Diplôme d'études approfondies, en DESS, en Diplôme d'études supérieures spécialisées, also Diplomer, déi e fënneft Joer op der Uni verlaangen an déi tëschent akademescher a professioneller Ausriichtung ënnerscheeden. Den DEA ass akademesch, den DESS ass professionell. Mir selwer bidden elo schonn um CUNLUX, also um Centre universitaire en DESS am Contentieux communautaire un a mir profitéieren dofir selbstverständlech vum europäesche Geriichtshaff.

Iwwregens erlaabt den Ënnerscheed tëschent Filière professionnelle a Filière académique och d'Strukturatioun vu verschiddene Beruffer ze respektéieren. Ech denken dobäi un de ganze Beräich vun den Ingenieuren a vun den Enseignanten. D'Organisatioun vun der Uni, d'Organisatioun vu Programmer nom ECTS-Prinzip, d'Distanzéierung tëschent professioneller an akademescher Filière kënnen och eng enorm Hëllefstellung si fir lifelong learning. An dësem Kontext ass et wichteg, datt Leit mat Beruffserfahrung kënnen op d'Uni zréckgoen, fir sech weider ze qualifizéieren. Grad esou wichteg ass et, datt d'Uni Passerellen organiséiert fir vun enger Filière professionnelle zum Beispill op eng Filière académique ze goen a selbstverständlech och ëmgedréint.

Véiert Kapitel, véiert Fro: Wat geschitt elo?

***(Hilarité)***

D'Uni Lëtzebuerg gëtt en Etablissement public. Dat ass jo nach ëmmer näischt Neies. Si kritt d'Personnalité juridique a géréiert sech no privatrechtleche Methoden a kann esou déi verfügbar Geldmëttel optimal a mat enger gewësser Fräiheet asetzen, wat esou zu enger Autonomie de gestion féiert. D'Relatiounen tëschent dem Stat an der Uni ginn duerch e pluriannuellë Contrat d'établissement festgeschriwwen, deen d'Objektiver an d'Prioritéiten am Domän vum Enseignement, vun der Recherche a vun der Verwaltung festsetzt. Dëse Kontrakt ass immens wichteg, well en der Uni erlaabt e Partner vum Stat ze ginn.

Eng Fro, déi ëmmer erëm gestallt gëtt an déi mer eis och an der Kommissioun gestallt hunn, ass déi, wat d'Uni kascht. Et muss ee ganz einfach wëssen, datt d'Uni Lëtzebuerg net bei null ufänkt. Elo schonns hu mer véier bestehend Institutiounen ze finanzéieren. An deene leschte Jore goufen d'Budgetsmëttel fir dës véier Héichschoulstrukture staark opgestockt, esou datt mer en zolidd Polster hunn op dat mer zréckgräife kënnen. A weider stellt de Véierjoresplang e gëeegent Mëttel duer fir déi finanziell Entwécklung vun der Uni duerch de Stat, duerch d'Regierung mat ze steieren. An da wësse mer als Politiker och alleguerten, dass de Finanzvolumen eng Fro ass vum politesche Wëllen. A bei Wëlle géif ech dobäi setzen «a Kënnen».

Et ass och gewosst, datt de Projet vun der Uni op d'Schinn gesat gouf fir de Standuert Lëtzebuerg méi attraktiv ze maachen. Eng Uni kann nämlech dozou bäidroen nei Firmen an Entreprisen op Lëtzebuerg ze bréngen, a bekanntlech bedeit dat jo nei Steierrecetten. Et wier also falsch ze soen, datt eng Uni nëmme kascht. Ech denken, dass d'Madame Hennicot eis méi Detailer ka ginn iwwert dat wéi si de Finanzplang gesäit.

D'Autonomie, déi d'Universitéit iwwert den Etablissement public kritt, gëtt hir natierlech eng gewësse Fräiheet, wat och gutt ass, an esou kann d'Uni selwer décidéieren, wat fir eng Recherche zum Beispill se wëllt maachen, wéi eng Leit se astellt an ënner welleche Konditiounen. Et muss een natierlech ervirhiewen, datt d'Autonomie vun der Uni ageschränkt a geregelt ass a souguer muss sinn iwwer Règlements grand-ducaux, am Fall wou et ëm Enseignementer geet. Mir däerfen net vergiessen, an dat war och eng ganz laang Diskussioun an der Kommissioun, an ech mengen den Här Fayot ass nach net ganz…

***(Interruption)***

Hien ass d'accord, awer...

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Awer net zefridden.

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- …net zefridden. Dat war d'Wuert. Merci, Här Krecké, fir de Flüsterkasten.

Mir däerfen net vergiessen, datt den Artikel 23 vun der Constitutioun aus dem Enseignement eng Matière réservée mécht an doduerch den Artikel 36 vun der Verfassung kee weidere Pouvoir réglementaire wéi dee vum Gesetz an zum Deel dee vum Grand-Duc zouléisst.

Déi éischt Etapp, dat ass déi nächst Fro, déi fënneft Fro, déi ee sech ka stellen: Wéi geet et weider op der Uni? Mir fueren natierlech séier iwwert déi eenzel Etappen. Déi éischt Etapp vun der neier Uni besteet an der Schafung vun enger éischter Equipe, déi déi nei Strukturen an d'Liewe rifft a se mat Liewen erfëllt an déi den éischte Contrat d'établissement ausschafft mat den Haaptfuerschungsachsen an de Prioritéite vun den Enseignementer. Déi éischt Equipe muss och kucken, datt déi Formatiounen, déi elo bestinn, an d'Uni erageholl solle ginn, eng gewëssen Zäit weiderlafe sollen, an da selbstverständlech évaluéiert ginn.

Dat lescht grousst Kapitel: Wat sinn d'Organer vun der Uni? Et sinn der zimlech vill.

Éischtens, de Conseil de gouvernance besteet aus siwe Memberen a setzt d'Politique générale an déi strategesch Choixe vun der Uni fest, kontrolléiert a superviséiert d'Aktivitéite vun der Uni. De Conseil de gouvernance développéiert de pluriannuellen Entwécklungsplang vun der Uni.

Zweetens, de Rektorat ass den Exécutif vun der Uni, dee sech aus dem Recteur a maximal aus dräi Vice-recteuren an dem Directeur administratif zesummesetzt. De Recteur gëtt duerch de Grand-Duc ernannt op Propositioun vum Conseil de gouvernance an op Consultatioun vum Conseil universitaire. Hie presidéiert de Rektorat an de Conseil universitaire a féiert seng Décisiounen aus. Hien ass den hierarchesche Chef vum Personal vun der Universitéit. D'Vicerecteuren an den Directeur administratif, dee sech ëm déi technesch an administrativ Servicer këmmert, ginn och alleguerte vum Grand-Duc ernannt.

Drëttens, d'Commission consultative scientifique beréit de Rektorat an der Fuerschungspolitik vun der Uni, grad wéi och bei den Enseignementer a beim Programme pluriannuel d'établissement.

Déi Fro vum Rektorat a vum Recteur ass ganz laang, an zwar vun Ufank un, an der Kommissioun debattéiert ginn. Den initiale Projet huet e ganz groussen Deel vum Pouvoir exécutif op de Recteur konzentréiert. Schlussendlech war d'Chamberkommissioun frou d'Propositioun vum Statsrot unzehuelen, deen aus dem Recteur eigentlech eng kolleegial Direktioun gemaach huet, de Rektorat, esou dass de Pouvoir vum Recteur jo awer elo vill méi kleng ginn ass.

Véiertens, de Conseil universitaire regelt déi pedagogesch a wëssenschaftlech Affäre vun der Uni an assistéiert de Rektorat bei den Ausaarbechtunge vum pluriannuellen Entwécklungsplang. De Conseil universitaire setzt sech zesummen aus gewielte Vertrieder vu verschiddene Kategorië vu Leit aus der Uni, an zwar Vertrieder vun den Enseignants chercheurs, Vertrieder vun de Studenten, Vertrieder vum administrativen an technesche Personal, ee Vertrieder vum Corps intermédiaire, maximal zwee Direkteure vun de Centres interdisciplinaires. Am Conseil universitaire, an dat ass interessant, fanne mer elo och en oder eng Délégué(e) aux questions féminines oder de la Promotion féminine. D'Kommissioun huet d'Schafung vun dësem Posten als enorm wichteg fonnt an dat als Amendement eraginn.

D'Diskussiounen an der Kommissioun hunn och laang an oft ëm d'Studentevertriedung gedréint. Mir hu jo nach ee Member an der Kommissioun, deen net esou wäit vun der Studentenzäit ass, a schlussendlech - ech brauch en net ze nennen, et gesäit een dat jo scho vu wäitem wien dat ka sinn - sinn elo zwee Studente pro Fakultéit am Conseil universitaire. Weider huet d'Kommissioun d'Noutwendegkeet vun enger Charte vun de Studenten hire Rechter a Flichten am Gesetz verankert, an déiselwecht Charte huet och elo dat akademescht Personal.

D'Kommissioun huet festgehalen, datt de Conseil universitaire déi Instanz ass fir Recours géint Décisiounen, déi d'Studente betreffen, anzeleeën. De Conseil universitaire kann doriwwer eraus eng Ethikkommissioun aberuffen, déi sech virun allem mat ethesche Froen am Kontext vun der Fuerschung ausernee setzt.

D'Kommissioun huet des Weideren drop gehale fir Dispositiounen am Gesetz ze verankeren, déi eng Disziplinarprozedur virgesinn, am Fall wou en Enseignant seng professionell Obligatiounen net anhält. Déi dräi Fakultéiten hunn hiren Doyen, deen Unisproff ass, an dee vun engem Conseil facultaire assistéiert gëtt.

***(Interruption)***

Ech hunn nach eng hallef Minutt. Den Här Vizepresident huet mer schonn en Zeeche gemaach.

***(Hilarité)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, ech hunn elo den Tour gemaach iwwert d'Aarbechten an der Kommissioun, iwwert dësen historeschen, ech betounen et nach eng Kéier, historesche Gesetzestext. Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, datt et sech hei ëm e Kadergesetz handelt, dat nëmme Richtlinne gëtt. Den Inhalt bleift a groussen Deeler festzeleeën an dofir léisst d'Gesetz vill Méiglechkeeten op.

De Ministère, de Rektorat an de Conseil de gouvernance hunn nach ganz vill Aarbecht ze bewältegen. Ech wënschen der Madame Minister eng gutt Hand beim Choix vun deene verantwortleche Leit, déi spéider d'Uni Lëtzebuerg féiere sollen. Weider halen ech drop der Madame Hennicot e grousse Merci ze soen, datt si de Courage hat, an d'Aarbecht an d'Méi net gescheit huet, déi nun emol erfuerdert waren, an dat hu mer gesinn, fir dëst waarmt Eisen unzepaken.

Ech ruffen lech alleguerten op dëse Projet ze stëmmen, well e villes erméiglecht a well en d'Diere kann opmaache fir de groussen Ambitioune gerecht ze ginn, dat heescht eng Qualitéitsuni zu Lëtzebuerg ze hunn.

Ech wëll ofschléisse mat folgendem Saz un dee mer eis an der Zukunft ëmmer an ëmmer erëm sollen erënneren, wa mer iwwert d'Uni Lëtzebuerg schwätzen: „Ayons le courage de nos idées!“ Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- Dir waart äusserst brav.

***(Hilarité)***

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Auteur an de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Robert Garcia.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG), auteur et rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech direkt entschëllegen, dass ech de Flux vun deenen historeschen Debatten hei duerch déi kleng Werbeeinlag muss stéieren, mä ech wëll souwuel der Kommissioun vum Enseignement supérieur wéi och der Conférence des Presidents merci soen, dass se mer et erméiglecht hunn déi Proposition de loi hei nach eng Kéier virzestellen, quitte dass se net zum Vote kënnt.

Fir net ze vill Duercherneen opkommen ze loosse bei de Leit hei ënnen, hei uewen an och dobausse wëll ech nach eng Kéier kuerz rappeléieren, dass dës Proposition de loi sech net als eng Alternativ oder eng Géigepropositioun zu deem Projet de loi, dee mer haut de Moien hei diskutéieren, versteet, mä zu engem Beräich gehéiert, deen eigentlech dat behandelt, wat no der normaler Universitéit, also no den éischten zwee Cyclë kënnt, also alles wat postgraduate ass an zweetens e Segment vun den Thematike behandelt, déi op enger Universitéit hei oder op Universitéiten zu Lëtzebuerg kéinte behandelt ginn, nämlech déi Studien iwwert d'europäesch Integratioun.

Dës Proposition de loi ass de Mäerz 1999, also viru véier Joer, hei déposéiert ginn, zu enger Zäit wou eigentlech iwwer eng Universitéit zu Lëtzebuerg net méi vill diskutéiert ginn ass, well et ware knapps zwee Joer vergaangen nodeem d'Gesetz vun 1996 a Kraaft getruede war. Déi Proposition de loi ass éischter an dem Kontext vun der Diskussioun iwwert d'Revitalisatioun an d'Réutilisatioun vun de Friche-industriellë geschitt a si sollt eigentlech e Beitrag si fir eng europäesch Iddi an de Kontext vun enger transfrontalièrer Notzung vun Industriebroochen ze bréngen.

Wat bedeit dës Proposition de loi? Ech wëll se eng Kéier kuerz resüméieren. Et ass vläicht e bësse komesch vu wéi engem Auteur déi heiten Nischepolitik kënnt, mä et ass ganz kloer, déi heite Proposition de loi situéiert sech scho bal an eng klassesch Philosophie vu Lëtzebuerger Nischepolitik. D'Lëtzebuerger Nischepolitik huet sech an der Vergaangenheet, nodeem déi autogen Nischen eriwwer waren, nämlech déi vun den Eisenerzer, jo éischter op Souveränitéitsnische baséiert, nämlech déi Souveränitéit, déi Lëtzebuerg als Stat hat fir gewësse fiskalesch an aner Incitatiounen an Erliichterungen ze ginn a fir doduerch ekonomesch Aktivitéiten ze incitéieren.

Mat der europäescher Integratioun ginn déi Nischen ëmmer manner. Si ginn ëmmer méi schwéier ze besetzen a Lëtzebuerg fänkt un eigentlech an Europa eng ganz normal Regioun ze ginn, wéi aner Regiounen och, an all Regiounen an Europa versichen Nischen ze besetzen an déi mussen si, wa seng keng national Souveränitéit hunn, mat Inhalter besetzen, déi endogen sinn, also déi se aus hirem eegene Kontext kréien.

Et ass elo esou, dass wann een als Nisch eng europäesch Universitéit proposéiert, da kann een net soen, dass Lëtzebuerg do schonn eng gewësse Viraarbecht geleescht hätt, well zu Lëtzebuerg gëtt et keng richteg Universitéit, et gëtt och keng europäesch Universitéit an et gëtt keen europäescht Institut, wéi et dat zu Florenz oder zu Bruges oder op anere Plaze gëtt.

Zousätzlech ass et jo och esou, dass de Lëtzebuerger akademesche Milieu relativ beschränkt ass. Mir hunn eng relativ geréng Proportioun vun Akademiker zu Lëtzebuerg. Mir hunn awer, an dat ass eben de Contrepoids dozou, éischtens ganz vill Lëtzebuerger Akademiker, déi aus ganz verschiddenen akademesche Kontexter hei op Lëtzebuerg zréckkomm sinn, déi op verschiddenen Universitéite souwuel déi normal Cyclë wéi och déi postgraduate Cyclë matgemaach hunn, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, déi awer keng Méiglechkeet hu fir éischtens hir Connaissancë weider ze verdéiwen an och hir Connaissancë weiderzeginn.

Dann hu mir och eng ganz héich Proportioun vun auslännescher Main-d'oeuvre vun Akademiker, déi och aus verschiddenen akademesche Kontexter kommen an déi och kéinten zu enger potenzieller europäescher Universitéit hiren Accord bréngen. Last but not least hu mir hei scho säit Jorzéngten europäesch Institutiounen, déi eigentlech kéinten dozou bäidroe fir Lëtzebuerg op deem Echiquier vun enger europäescher Universitéit ze positionéieren.

Elo muss een natierlech soen, dass et och an Amerika, an de Vereenegte State keng national Universitéit gëtt, déi elo representativ ass fir Fuerschung an Enseignement an de Vereenegte Staten, esou dass et och an Europa wahrscheinlech ni eng très grande université européenne gëtt, wou ee quasi kéint soen, dass do all d'akademesch Kräfte vun Europa géife gebündelt ginn. Wat et awer muss an Europa ginn, menger Meenung no zumindest, ass eng Plaz, wou déi Akademiker an Akademikerinnen aus de Memberstaten, aus deene 15 Memberstaten, déi et schonn de Moment gëtt, plus aus deenen, déi och an nächster Zäit bäikommen, sech mussen akademesch wéi och inhaltlech méi nokomme kënnen.

Dat heescht et muss eng Méiglechkeet ginn, dass Studenten a Studentinnen aus Lettland, aus Schweden, aus Spuenien, vu Malta sech kënnen op enger Plaz zesummefannen a Connaissance kréie vun der europäescher Integratioun. Dat net nëmmen op dem juristeschen an op dem politesche Gebitt, mä och an aneren Disziplinen, well wann een zum Beispill Psychologie studéiert huet an England oder an Däitschland oder a Frankräich oder an der Schwäiz, da mengt een, dat wär eng ganz aner Disziplin, well do ginn et nach ganz staark Divergenzen. Een Zil vun esou enger Institutioun kéint et sinn, fir och op dem akademesche Plang eng europäesch Integratioun erbäizeféieren.

Dat ass also d'Grondiddi vun där heiter Proposition de loi. Lëtzebuerg géif vu senge multikulturellen, vu senge linguisteschen Atoutë profitéieren an hei op sengem Territoire der Europäescher Unioun quasi proposéieren eng Stell ze schafen, wou ee kéint europäesch Fuerschung, europäeschen Enseignement praktizéieren.

D'Proposition de loi gesäit dann och vir, dass esou eng Iddi net soll op engem Terrain vague académique stattfannen, och wa se op engem Terrain vague industriel géif démarréieren. Et wär wichteg an esou engem Kontext, dass de Lëtzebuerger Stat fir d'éischt géif e puer Instituter schafen, fir dass eng Zort vu Keimzell géif bestoen, an dass een an enger zweeter Phas da géif aner Institutiounen op Lëtzebuerg kréien.

Et war eben an der Proposition de loi deemools proposéiert gi fir op dem Terrain vun der Lentille Terres rouges eng éischt Keimzell ze baue mat e puer Instituter, wou Lëtzebuerg schonn eng gewëssen Experienz hätt, zum Beispill en Institut iwwer Droit an Economie comparée, en Institut iwwer soziologesch Phenomeener an Europa, iwwert déi europäesch Geschicht, iwwer Migratioun an Ähnleches an eventuell och aner Instituter an Domäner, wou Lëtzebuerg eng gewëssen Notoriétéit hätt.

Wann no enger Zäitspan déi Instituter eng gewëssen europäesch Renommee kritt hätten, dann hätt ee kënnen higoen a quasi eng, ech hunn dat genannt eng ZAU, eng Zone d'activité universitaire, ähnlech wéi eng Zone d'activité économique, opmaachen, an zu auslänneschen Instituter, zu auslänneschen Universitéite soen, ma wann Der interesséiert sidd op Lëtzebuerg ze kommen, fir an Ärem Beräich oder a Beräicher, déi lech interesséieren, europäesch Studien unzebidden, souwuel am Enseignement wéi och an der Fuerschung, da kommt hei op de Lëtzebuerger Site. Dir kritt Facilitéiten am infrastrukturelle Beräich an Dir fannt hei en Terrain, wou Der kënnt mat aneren Universitéiten Echangen hunn.

Dat kënnen natierlech verschidden Institutioune sinn. Dat kënnen Dépendancë si vun öffentlechen Universitéiten. Valencia kéint hei zum Beispill en Institut schafen, wou se versiche vläicht mediterran Studie méi no un Europa erunzebréngen. Et kann awer och eng Universitéit vun Helsinki oder Uppsala sinn, déi einfach interesséiert sinn am europäesche Recht hir Studenten hei op Lëtzebuerg ze schécken an do nei Kompetenzen auszebilden. Déi Iddi ass eng Iddi, déi eigentlech och compatibel ass mat der Universitéit wéi mir se hei zu Lëtzebuerg schafen. An esou sinn dee Moment och d'Diskussiounen an der Kommissioun verlaf. Den Auteur vun der Proposition de loi huet nach eng Kéier déi Propositioun erkläert.

Wat elo e bësse penibel war, dat war, datt de Statsrot scho wëlles war fir en Avis ze maachen zu där Proposition de loi, mä de Statsrot huet jo a leschter Zäit d'Gewunnecht nëmmen Avisen ze maachen zu Propositions de loi, wa schonn eng Stellungnahm vun der Regierung virläit. Do louch mysteriéiserweis, an ech gleewe kaum, datt dat schlechte Wëlle war, mä vläicht en Oubli oder eng Selbstläufererfahrung, op alle Fall keng Stellungnahm vun der Regierung vir, also och keen Avis vum Statsrot, an also kann dës Proposition de loi och net haut zum Vote bruecht ginn.

Et war awer kloer an den Diskussioune vun der Kommissioun, datt et éischtens zwar e largë Konsens gouf vun deene meeschte Membere vun der Kommissioun fir ze soen, dat doten ass e Créneau vun europäesche Studien, deen ass fir Lëtzebuerg héchst interessant an e kann an den nächste Joren a Jorzéngte Gewënn bréngen, net nëmmen ekonomesch, mä och kulturell Répercussiounen zu Lëtzebuerg kréien.

Zweetens, an dat war och e largë Konsens an der Kommissioun, wa mer elo eis konzentréieren op den Opbau vun der très grande université du Luxembourg, dann hu mer weder Kraaft nach Zäit, nach déi néideg Disziplin fir nach parallell eng zweet Universitéit opzeriichten.

Drëttens, wann een d'Struktur vun der Universitéit kuckt, wann een déi eenzel Fakultéite kuckt a virun allem och d'Centres interdisciplinaires, dann ass et duerchaus méiglech fir deen dote Créneau an déi aktuell Strukture vun der Universitéit eranzebréngen. Dofir huet dunn och den Auteur vun der Proposition de loi gesot: Okay, da gëtt verzicht fir déi Proposition de loi nach weider duerchzeboxen.

Mir hunn eis du gëeenegt, datt eng Motioun sollt vun der Kommissioun presentéiert ginn, déi ausseet, datt éischtens d'Regierung sollt kucken, datt de Contexte européen an d'Strukture vun der künfteger Universitéit sollt integréiert ginn, an zweetens datt sollten am Laf vum Opbau vun der Universitéit eng Rei vun Offere vun Enseignement a vu Recherche an deem Domän vun der Intégration européenne ugebuede ginn. Déi Motioun huet den Appui vun alle Fraktioune vun der Kommissioun fonnt. Ech wëll se heimadder déposéieren.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- saluant la finalisation du projet de loi portant création de l'Université de Luxembourg;*

*- considérant la proposition de loi 4540 portant création d'une Université européenne;*

*- considérant que ses atouts linguistiques et multiculturels ainsi que son expérience dans l'intégration européenne - et notamment la présence d'institutions communautaires - prédestinent le Luxembourg à devenir un carrefour des activités d'enseignement et de recherche autour de l'intégration européenne;*

*- saluant la vocation européenne et interdisciplinaire de la future Université de Luxembourg;*

*invite le Gouvernement*

*- à veiller à l'intégration du contexte européen dans les structures de la future Université de Luxembourg ;*

*- à promouvoir le développement d'offres d'enseignement et d'activités de recherche autour de l'intégration européenne au sein de l'Université de Luxembourg.*

*(s.) Robert Garcia, Ben Fayot, Fernand Greisen, Marco Schroell, Nelly Stein.*

Här President, ech wëll domat ofschléissen, datt ech nach eng Kéier merci soen, datt ech déi Proposition de loi konnt déposéieren. Ech wäert a menger Stellungnahm d'Méiglechkeet hunn nach eng Kéier méi subjektiv op déi Proposition de loi anzegoen.

Ech sinn der Iwwerzeegung, datt et an der neier Universitéit wäert méiglech sinn e groussen Deel vun deenen Iddien eranzebréngen, mä ech sinn awer trotzdeem, an dat soen ech dann herno, der Iwwerzeegung, datt mer an zéng Joer nach eng Kéier iwwer en ähnleche Projet kënnen hei schwätzen, zumindest déi Leit, déi dann nach hei sinn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'Diskussioun, déi haut an der Chamber gefouert gëtt, ass eng Diskussioun, déi schonn am Fong säit ganz ville Joren dobausse gefouert gëtt.

Ech ka mech erënneren, datt déi Zäit wéi ech Student war - et ass schonn eng Zäitchen hier -, mer schonn iwwert déi dote Problematik diskutéiert hunn, an dat op eng relativ passionéiert Aart a Weis a ganz laangen Diskussiounen, wéi een dat eben als Student mécht. Ech hunn esou vague Souveniren, datt wéi ech op Première war - et war awer net beim Här Fayot - ech eng Dissertatioun geschriwwen hunn iwwert d'Avantagen an d'Désavantagë vun enger Universitéit hei zu Lëtzebuerg, wou och schonn déi Zäit eng ganz Rei Argumenter an déi eng Richtung an eng ganz Rei Argumenter an déi aner Richtung geschwat hunn. Ech soen awer elo net wat meng Konklusiounen déi Zäit waren.

***(Hilarité)***

Et ass laang hier an ech kommen duerno e wéineg op dee Sujet zréck an op d'Evolutioun vun där ganzer Problematik.

D'Héichschoulpolitik ass u sech eng Problematik, déi am Ausland relativ vill Passiounen ausléist. Wann ee kuckt, wat an deene leschte Méint fir Diskussiounen an Däitschland waren, an Irland, wou eng Diskussioun iwwert d'Finanzéierung an d'Aschreiwungsgebühren op den Universitéite war, da gesäit ee wéi héich d'Passioune bei deem Sujet kënne schloen. Wann een de Sujet vun der Kreatioun vun enger Universitéit zu Lëtzebuerg am Ausland mat auslännesche Spezialisten ugeschwat huet, dann ass een ëmmer op extrem vill Interesse gestouss. Dann hu sech d'Ouere gespëtzt.

Ech war virun e puer Méint an de Vereenegte Staten, wou ech d'Méiglechkeet hat 10, 12 Universitéiten ze besichen, wou ech dann och ëmmer probéiert hunn, well et eben d'actualité war, dee Sujet mat deene Leit unzeschwätzen, an do koum ëmmer als éischt Reaktioun, wat erstaunlech ass, datt se sech emol fir d'éischt gewonnert hunn, datt mir als Land net souwisou schonn eng full-fledged university zu Lëtzebuerg hätten, well dat dohannen einfach eng Normalitéit ass a vill méi an d'Normalitéit vun enger Organisatioun vun engem Land, vun engem Stat, vun enger Stad ageet, wéi dat hei an Europa de Fall ass.

Et ass eng Normalitéit. Et ass e Must. Et ass natierlech och kloer, datt dohannen evidenterweis an aner Gréisstenuerdnungen iwwerluecht gëtt wéi hei, wann ee gesäit, datt déi meescht Universitéiten an déi normal Campusen an Amerika tëschent 20.000 an 30.000 Studenten hunn, datt eng University of California, wann een déi zéng Siten zesummerechent, bis zu 300.000 Studenten huet, an datt se no der Salvation Army dee gréisste Fundraiser an Amerika ass, da weess een, datt dat aner Dimensioune si wéi hei.

Wann een an aneren Nopeschlänner, an Däitschland zum Beispill déi Fro stellt, da gëtt do oft d'Fro gestallt: Hutt Der dann en Anzugsgebitt, wat grouss genuch ass? Déi 400.000 Leit zu Lëtzebuerg, geet dat duer als Anzugsgebitt? An da muss een d'Explikatioun ginn, datt mir eis Universitéit jo net just fir eist Land maachen, mä se fir eng ganz Regioun ronderëm eis ass. Et gëtt een och an Däitschland gewarnt, well eben do net ëmmer déi finanziell Situatioun esou evident ass bei den Unien, datt ee misst oppassen, wat ee mécht, datt ee sech net soll verbludden. Op där anerer Säit gëtt awer de Fait, datt mer wëllen eis Universitéit als eng oppen Universitéit a Kollaboratioun an am Austausch mat deenen anere gesinn, als een extrem positive Punkt direkt ervirgehuewen.

A mir haten d'lescht Woch hei an der Chamber d'Geleeënheet bei der Visite vun dem franséische Premierminister, dem Här Raffarin, mat enger Rei franséischen Deputéierten, haaptsächlech aus der Région lorraine ze schwätzen an och de Sujet Universitéit unzegoen. Aus deenen Diskussiounen si ganz kloer an däitlech d'Interessen erauskomm vun deene politesche Responsablen aus der Ëmgéigend a se hu gesot, datt et interessant wär, wat mer do wéilte maachen, an dass eng Uni zu Lëtzebuerg sech géif aschreiwen an de Kontext vun dem universitären Tissu an der Groussregioun. Weider hu se gesot: Mir sinn nach net komplett. Mir brauchen nach eppes. Et muss ee probéieren d'Konkurrenz ze évitéieren. Et muss ee probéieren dat Ganzt an en Tissu universitaire vun der Groussregioun anzeschreiwen, fir datt mer duerno als Groussregioun eppes kënnen ubidden an attraktiv als Regioun sinn.

Also iwwerall Interessen. Et gëtt am Ausland op eis gekuckt. Et gëtt gekuckt, wat mer haut amgaange sinn ze maachen. Et gëtt haaptsächlech gekuckt, wat mer an deenen nächste Méint a Jore bei dësem Projet wäerten an d'Realitéit ëmsetzen.

Firwat elo eng Äntwert op eng Fro, déi am Fong scho laang gestallt ass. Firwat seet Är Partei, mä soen och aner Parteie - ginn ech gefrot - elo jo zu enger Universitéit zu Lëtzebuerg, wou dat net ëmmer an deene leschte Joren de Fall war, wou och heiansdo aner Argumenter bruecht gi sinn? Et gëtt Argumenter op där enger Säit an et gëtt Argumenter op där anerer Säit. Ech wëll och déi Fro probéieren ze beäntwerten. An zwou Etappe wëll ech dat maachen.

Déi éischt Äntwert ass déi, datt mer haut net eng Universitéit aus dem Näischt schafen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg eng kleng, mä awer trotzdeem eng universitär Geschicht, déi 1686 ënnert dem Louis XIV ufänkt, deen d'Cours de philosophie agefouert huet an domat erméiglecht huet eng Inscription directe op d'Université de Louvain ze maachen.

Da mam Gesetz vum 23. Juli 1848, wou d'Integratioun vun de Cours supérieurs an dem Athenéium geschitt ass, bis sech dat am Laf vun de Joren a Cours universitaires ëmgeännert huet, bis et den 18. Juni 1969 de Centre universitaire ginn ass.

Mir hunn d'Ecole normale pour instituteurs et institutrices vum Joer 1848 un, den IST, deen 1916 entstanen ass, an an de 70er Joren d'Formatioun vun den Educateuren, déi 1990 an d'Gesetz komm ass.

Haut liewe mer ënnert dem Regime vum Gesetz vum 11. August 1996, wat de CUNLUX op där enger Säit, den IST op där anerer Säit regelt, den ISERP mam Gesetz vun 1983, an dem IESS mam Gesetz vun 1990, woubäi een och nach muss soen, datt mer duerch den Text vun 1996 eng ganz Rei Saachen iwwert d'Recherche an der Gesetzgebung ëmgesat hunn.

Mir hunn also eng universitär Geschicht, virun där mer eis net brauchen hei zu Lëtzebuerg ze schummen. Dat, wat mer haut hei scho maachen an dësem Land, ass am Ausland unerkannt, an eleng de Fait, datt eis Studenten, déi hei zu Lëtzebuerg op d'Universitéite ginn, hir Admissiounen ouni ze vill Problemer op deenen auslännesch Héichschoule fannen, ass dee beschte Beweis dovunner.

Et huet eis och an deene leschte Joren ëmmer ofgeséchert, datt mer déi Studenten, déi mer gebraucht hunn hei am Land, fir einfach eist Land funktionéieren ze doen, fir einfach eis Ekonomie, mä och eis Gesellschaft funktionéieren ze doen, datt mer d'Méiglechkeet haten, duerch de Fait, datt en Deel vun der Universitéit hei zu Lëtzebuerg existéiert huet, datt mer eis Studenten an d'Ausland kritt hunn, datt mer eis jonk Leit ausgebilt kritt hunn, an datt se duerno zréckkomm sinn, fir déi Gesellschaft hei um Dréinen ze behalen.

Fir eist Land war dat noutwendeg, an et war fir eist Land och zu engem gewëssenen Deel genügend, wat mer an deene leschte Joren haten. Mir hunn eng Geschicht, déi eis eng Rei Erfahrunge ginn huet. Mir brauchen also net, wa mer elo haut hei e Gesetz stëmmen, ab initio alles nei unzefänken. Dat erliichtert sécher, mä dat ass heiansdo zwar och schwéier, well et ass heiansdo méi einfach, et fänkt ee vu vir un, an et huet een net e ganze Bagage. Et ass also eng Erliichterung op där enger Säit an eng Rei erschwéiert Saachen op där anerer Säit, mä ech mengen d'Erliichterung ass sécherlech dat: Et ass méi einfach unzefänken, andeem een op eppes, wat elo awer Erfahrung huet, opbaut, wéi wann een alles misst frësch ufänken.

Deen zweeten Deel vun der Äntwert, dat ass deen, datt mer an engem neie Jordausend, an enger anerer Welt awer momentan sinn, wéi dat an deene leschte Jorzéngten de Fall war. Mir sinn an enger globaliséierter Welt, mir sinn an engem Europa wat zesummewiisst, mir sinn an engem Lëtzebuerg, dat sech sécherlech an deene leschte Joren enorm internationaliséiert huet. Wat heescht dat? Mä dat heescht, datt Erasmus zum Beispill zur Normalitéit ginn ass, an datt d'Goe vun enger Universitéit op déi aner eppes Normales ass bei de Studenten haut. Viru Joren, wann Der op eng Uni gaange sidd, normalerweis sidd Der dann op déi Uni gaange fir do Äert Studium unzefänken a fir do och, ausser e puer Ausnahmen, Äert Studium ofzeschléissen. Haut ass dat net méi esou. Haut ass et fir vill Studenten eng Normalitéit, datt se duerch Europa en Tour maachen, datt se net nëmmen hir Studien op enger Plaz, mä zumindest op zwou Plaze maachen.

Déi Ouverture, déi Reesen, déi aner Kulture gesinn, ass vill méi zur Normalitéit ginn, an d'Besoine sinn dee Moment anescht. Eis ekonomesch Besoinen an dësem Land mengen ech sinn och anescht. Mir brauchen haut Recherche fir eis Entreprisen, déi qualifizéiert Leit musse fannen, a sécherlech ass eng Universitéit eng Attraktioun, och um ekonomesche Beräich. Éischtens well Leit dann um Marché sinn, zweetens well et och kloer ass, datt déi Fonctioun vun der Recherche, wa se méi hei développéiert gëtt op eng Uni Lëtzebuerg, an dofir gëtt déi jo och geschaf, eng ganz grouss Ënnerstëtzung vun der Recherche ka sinn, an dee Moment dat och eng Attraktioun fir eis Ekonomie hei zu Lëtzebuerg ka sinn.

Mir mierken och, datt mer hei zu Lëtzebuerg, duerch de Fait, datt mer eng Rei europäesch Institutiounen hunn, duerch de Fait, datt mer eng Rei Entreprisen hunn, duerch de Fait, datt mer eng ganz développéiert Finanzplaz hunn, hu mer och hei sur place eng Rei Potentialitéiten, eng Rei Know-how, deen eis op der Universitéit immens wäertvoll ka sinn, deen eis och kann op där anerer Säit hëllefen dës Universitéit nach méi ze développéieren. Ech mengen deen Know-how, dee mer hei sur place hunn, solle mer och benotze fir en Input an d'Universitéit eranzeginn a fir an deem Développement vun der Universitéit en hëllefe kënnen ze loossen.

Mir hunn och hei zu Lëtzebuerg vläicht an deene leschte Joren en anere kulturelle Besoin wéi mer en déi Jorzéngte virdrun haten. Et ginn haut méi wéi jee wëssenschaftlech Aarbechten iwwer eis, iwwer eis Kultur, iwwer eist Land, iwwer eis Geschicht, déi keen anere fir eis mécht, a wa mer se net selwer maachen, da gi se net gemaach. Eis Kultur, eis Sprooch, déi Integratiounsgeschicht, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, déi verlaangt eng Opschaffung, déi verlaangt eng wëssenschaftlech Beaarbechtung. Wa kee se fir eis mécht, dann hu mer se net, an ech mengen de Besoin ass do, datt mer och op deem Terrain selwer aktiv ginn.

Dofir denken ech, datt e Kadergesetz iwwer eng Universitéit zu Lëtzebuerg haut scho richteg ass, well eng Universitéit eis Entwécklungspotenzialitéite gëtt, well se eng gewëssen Dynamik, e gewëssenen Dynamismus entwéckele kann a well se sécherlech eng Beräicherung vum kulturellen an ekonomesche Liewen hei zu Lëtzebuerg ass.

Wat fir eng Roll spillt eng Uni haut an enger Gesellschaft, zu Lëtzebuerg oder an allen anere Gesellschaften? De Philip Altbach, deen e Spezialist an der Etüd vum Fonctionnement vun Universitéiten ass, um Boston College, gëtt eng ganz einfach Äntwert. Hie seet a sech, datt Universitéite ganz besonnesch Institutioune sinn, well se gemeinsam historesch Wuerzelen hunn, déi déif an der Gesellschaft dra sinn. Am Mëttelalter waren se, seet hien op jiddfer Fall, en Instrument wat Wësse weiderginn huet a wat eng Rei Beruffer ausgebilt huet. Am 19. Jorhonnert hu se a sech ugefaange fir och basic research, dat heescht fundamental Recherche ze maachen.

***(Interruption)***

An déi Universitéite vun haut sinn a sech esou, datt se sech an déi komplex Processusen, wat haut awer d'Entwécklung vum Wëssen ass, aschreiwen. Mä net nëmmen d'Entwécklung vum Wëssen. An dat ass vläicht dat wat anescht ginn ass par rapport zu deene Jorzéngten an deene Jorhonnerte virdrun, datt se net nëmmen an der Entwécklung vum Wëssen, mä och haaptsächlech an der Distributioun vum Wëssen eng eminent an eng préeminent Roll an der Gesellschaft kritt hunn, well se a sech dat Wëssen erlabe weltwäit weiderzeginn.

Elo an deem Gesetz wat mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn: Wat seet deen Text? Wat sinn déi Akzenter, déi do gesat sinn? Sinn dat richteg Akzenter? Wat soen ähnlech Texter am Ausland? Wann een e wéineg d'Situatioun am Ausland kuckt, da gesäit een, datt en général och do esou Kadergesetzer bestinn, déi Richtlinne festsetzen, wéi Universitéite solle funktionéieren, déi Diplomer regléieren. Dat ass awer ganz verschidde vun deenen eenzelne Länner. Esouguer an de Vereenegte Staten ass et statenofhängeg an et gëtt an engem Stat zum anere ganz anescht geregelt, well mer do och de Prinzip vun der Fräiheet vun der Universitéit als e primäre Prinzip ageschriwwen hunn. Mir kennen déi Universitéite wat Statsuniversitéiten, souguer Stad-Universitéiten, City Universities sinn, déi deelweis ganz oder guer net staatlech finanzéiert sinn. Mir kennen och Privatuniversitéiten, och mat deelweis staatlechem Finanzement oder reng privatem Finanzement.

Wat fir een Text hu mer elo hei haut virleien? Mir hunn en Text virleien, deen eis och e Kadergesetz gëtt. An et muss ee sech dees bewosst sinn, et ass e Kadergesetz, wéi den Text et seet, dat just e Kader gëtt. E Kader, dat ass vill, mä dat léisst awer och nach eng ganz Rei Saachen op. Dat heescht haaptsächlech, datt mer haut an deem Text stoen hunn, datt mer en Etablissement public maachen. Dat hu mer schonn, dat kenne mer. Mä et heescht awer och, datt mer een Etablissement public maachen, an ech mengen dat ass vläicht déi zentral Ausso, an ech kommen duerno nach op déi Ausso zréck.

Et gëtt d'Definitioun vun de Fakultéiten, d'Madame Stein huet dat schonn an allen Detailer beschriwwen, ech ginn net nach eng Kéier dorobber an. Et gëtt eis Méiglechkeete fir Centres interdisciplinaires ze maachen, et gëtt d'Definitioun och vun deene Branchen, déi kënnen - dat heescht net mussen - op der Universitéit enseignéiert ginn, et gëtt eis Gestiounsstrukturen, et verdeelt Responsabilitéiten, et definéiert Finanzmodusen, et gëtt eis och e Kader vum Personal mat de Modalitéiten, a mat enger Rei, net alleguerten, Aussoe wéi deen Aarbechtskader vun den Enseignantë soll op der Universitéit Lëtzebuerg an Zukunft sinn.

Dat ass vill an dat ass net vill, et ass e grousse Kader. D'Madame Delvaux huet eng Kéier gesot et wär e Faass, an engem Interview, wann ech mech richteg drun erënneren, e Faass dat een nach muss mat Contenu fëllen. Ech wëll awer elo net dat Bild als positiv oder negativ jugéieren. Et ass richteg datt et e Kader ass, an ee Kader, dee muss een nach mat Inhalt fëllen, an dat ass vläicht eppes wat mer och an aneren Domäner kennen, esou Kadergesetzer. Mir hu Kadergesetzer am Sport, mir hu Kadergesetzer an der Agriculture, zum Beispill, an och nach an aneren Domäner.

Mä bei dësem Kadergesetz mengen ech awer, datt e ganz groussen Ënnerscheed do ass, an datt et sech a sech, par rapport zu anere Kadergesetzer, doduerch ënnerscheet, datt déi aner Kadergesetzer an enger zweeter Etapp duerch Règlement grand-ducal oder duerch aner Saachen da preziséiert ginn an applizéiert gi vun de Ministèren. Hei hu mer déi Notioun vun der akademescher Autonomie, déi och nach zousätzlech erakënnt. Mir ginn also e Kader an deem ka geschafft ginn a setzen dann eng Rei Leit mat ganz grousse Kompetenzen an. Bon, dat huet elo wéineg eng aner Nues kritt säit de Conseil d'Etat eis eng Rei Suggestioune gemaach huet, och dorobber kommen ech nach zréck. Mä dat soll awer de Prinzip sinn, an da vertraue mer deene Leit, déi mer dohinner gesat hunn. Mir ginn hinnen d'Fräiheet, eng ganz Rei Fräiheeten, mir ginn eis och als Stat eng Rei Kontrollmoyenen, mä haaptsächlech soll den Opbau vun där neier Universitéit an der Fräiheet an an der Autonomie académique gemaach ginn.

Dat ass ongewinnt a sech fir Lëtzebuerg, datt mer déi Steierbarkeet deelweis aus den Hänn ginn, mä ech mengen dat ass awer just d'Definitioun vun der akademescher Autonomie a mir mussen dat akzeptéieren, wa mer och wëllen, datt deen noutwendegen Dynamismus an déi Uni Lëtzebuerg erakënnt, deen noutwendegen Dynamismus, deen et erlaabt och iwwer Jorzéngte sech an e Konkurrenzkampf, deen net einfach ass, anzeschreiwen.

Wat seet dësen Text dann? Dësen Text definéiert d'Missiounen an d'Objektiver. Do seet en haaptsächlech, dass et eng Uni ass, wou enseignéiert muss ginn, dat ass evident, eng Uni wou Recherche fondamentale et appliquée muss gemaach ginn, dat ass net grad esou evident, mä et ass richteg, an da seet en hannendrun, dass et eng Uni ass, déi muss «contribuer au développement social, culturel et économique du Luxembourg». Dat ass fir Lëtzebuerg normal, dat ass vläicht an anere Länner net esou normal. Et ass awer honnertprozenteg richteg, well et déi eenzeg Uni ass, déi elo hei gemaach gëtt, an datt deen Aspekt besonnesch däitlech an de Missioune vun der Uni Lëtzebuerg ervirgestrach gëtt.

Da ginn eng Rei fundamental Prinzipien definéiert. Niewent dem Fait, datt déi Universitéit eng Rigueur scientifique erabréngt, dass se Respekt muss zeugen, wat evident ass, schreift dann den Text, wat net esou evident erëm ass, vir, datt Interdisziplinaritéit muss do sinn, an dass d'Interdisziplinaritéit am Fong Partie intégrante vun där neier Universitéit soll ginn.

Ech fannen dat e wesentleche Punkt vun deem Text, dee mer hei virleien hunn, well mir kennen alleguerten eng ganz Rei Universitéiten, déi am Laf vun de Joren zu schwéierfällegen Apparate gi sinn, well se iwwert d'Joren eraus eng ganz rigid Andeelung vun hire Fächer haten, vun deene Branchen, wou gesicht ginn ass oder wou weidergeschafft ginn ass, a well se Schwieregkeeten haten deene modernen Evolutioune standzehalen, well si et net fäerdeg bruecht hunn iwwert déi Striktheet an déi fix Délimitatioun vun deene Fächer, vun deene Recherchen, déi gemaach gi sinn, erauszebriechen.

Mir wëssen awer haut, datt d'Aspekter vun der Wëssenschaft net méi unidimensional kënne beliicht ginn, datt eben d'Zesummesetze vu verschiddene Fächer, vu Biologie an Informatik zum Beispill an der Bioinformatik oder vu Sproochen an Informatik duerch de Fait, dass een dat Schréftlecht an dat Mëndlecht matenee verbënnt, och nei Technike kann entwéckelen, oder an der Gesellschaftfuerschung duerch d'Zesummesetzung vu Sproochen, Sociologie, Psychologie, Ekonomie, Statistik, an esou weider, ee vill méi wäit an der Recherche kënnt, wéi wann een all déi eenzel Elementer och géing eenzel huelen.

Dofir fannen ech et wesentlech, datt déi Interdisziplinaritéit an dësen Text ageschriwwen ass. Ech regrettéiere ganz kloer, datt mer elo eng Limite iwwert de Conseil d'Etat vun dräi esou Centres interdisciplinaires ageschriwwe kritt hunn. Ech hätt léiwer gehat mir hätte kënnen den Originaltext vum Ministère bäibehalen, mä mir wollten dës Uni awer elo an d'Realitéit ëmsetzen, dofir hu mer dat akzeptéiert.

Ech regrettéieren och, dat soen ech ganz kloer, datt mer net méi dee Renouvellement no siwe Joer vun de Centre-indisciplinairen am Text stoen hunn an de Maximum vun enger Kéier renouvelable, well dat eis et erlaabt hätt wierklech eng Limite drop ze setzen a wierklech d'Garantie ze hunn, dass mer évitéieren do déi fix Institutiounen ze kréien, déi dann erëm nëmmen a sech selwer schaffen, mä dat hätt eis eng Garantie gi fir kënnen eis no enger Period vu siwe Joer oder zweemol siwe Joer, wat laang ass, automatesch ze renouvelléieren.

Ech regrettéieren, dass et net méi am Text steet, mä de Fait, dass et net méi am Text steet, heescht awer net, dass mer et net kënne maachen. Ech vertrauen do ganz staark deene Responsablen, déi elo wäerten déi Uni do opbauen, datt dee Geescht…

***(Interruption)***

Neen, ech kennen se nach net, Här Garcia.

Mä dass dee Geescht vun der Mobilitéit, dee Geescht vun der Erneierung, dee Geescht vun der steter Erneierung och muss an déi Uni erakommen, wa mer wëllen datt se e Succès gëtt. Ech hätt et léiwer am Text gehat, mä Haaptsaach et ass duerno an der Realitéit.

Den drëtte Prinzip, deen ageschriwwe gëtt, ass dee vun der Symbios zwëschent Enseignement a Recherche. Dat ass a sech fir eng Uni eng absolut Evidenz, datt déi zwee Aspekter vun dem Enseignement an der Recherche, déi komplementar sinn, déi wesentlech sinn, och zesummen an den Text ageschriwwe sinn. D'Recherche ass d'ailleurs dat, wat oft d'Renommee vun enger Uni mécht, wat och de Geescht, den Esprit universitaire ausmécht. Mä et muss ee soen, datt et net iwwerall d'selwecht ass. Mir hunn Universitéiten, déi méi spezialiséiert sinn op den Enseignement, wou de gréissten Deel vun der Aarbecht den Enseignement ass. Mir hunn och Universitéiten, Research Universities, déi haaptsächlech op Recherche fokusséiert sinn. An dat ass en Ënnerscheed, ob een deen ee Choix mécht oder deen anere Choix.

Et ass kee Jugement de valeur, ob een et esou oder anescht mécht, mä et ass en Ënnerscheed wéi een dat upéckt, et ass en Ënnerscheed am Recrutement vun den Enseignanten, et ass en Ënnerscheed am Recrutement vun de Studenten, et ass en Ënnerscheed am Choix vun de Filièren, déi ee mécht, an et ass sécherlech eng Fro vum Equiliber zwëschent dem engen an deem aneren, zwëschent deene Choixe vu Recherche an Enseignement, déi ee mécht, dee wesentlech ass.

Wat awer a mengen Ae kloer ass, dat ass, datt d'Identifikatioun vun enger Uni evidenterweis dovunner ofhänkt, wat fir e Choix ee mécht a wéi een et fäerdeg bréngt dee Choix, deen ee gemaach huet, och no baussen kloer an däitlech duerzestellen, fir dass déi Leit, déi sech fir d'Universitéit Lëtzebuerg interesséieren, wësse firwat fir eng Uni se sech interesséieren a wat déi Uni ze bidden huet.

Den Exposé des motifs vum Gesetzestext ass do kloer, e seet, dass d'Universitéit, ech maachen d'Citatioun hei: «Elle donne la priorité à la recherche pour en décliner ensuite les enseignements.» Dat ass eng kloer Ausso, déi ech och esou kann ënnerschreiwen, an déi och esou soll an d'Realitéit ëmgesat ginn.

E véierte Punkt, deen dësen Text festsetzt, ass dee vun der obligatorescher Kooperatioun mat aneren Universitéiten. Och dat ass eng Evidenz haut. Wann ee wëllt Recherche maachen, da mécht een déi net ganz eleng, déi mécht een an der Kooperatioun. Do probéiert ee fir déi bescht Partner ze kréien op deem Gebitt, wou een ebe wëllt schaffen, fir Kooperatioun ze maachen.

Et ass och eng Evidenz, wa mer vun den Erasmus-Programme schwätzen, well do eng Kooperatioun einfach noutwendeg ass an Ofkommesse mat aneren Unien noutwendeg sinn. Et ass och eng Evidenz, wa mer d'Uni Lëtzebuerg wëllen an d'Integratioun vun eiser Groussregioun aschreiwen. Et ass eng Evidenz, wa mer wëllen eis Proffen och an Echangë mat eraginn, wat hautzedags eng Normalitéit an eng Noutwendegkeet ass, an et ass och eng Evidenz, wa mer Studentenaustauscher wëllen organiséieren.

Nach ass d'Auswiel vun de Partner eng wesentlech, well och d'Auswiel vun de Partner an d'Akzeptanz, déi een als Uni Lëtzebuerg oder als Uni am Allgemenge bei anere Partner no bausse fënnt, och eng Beschreiwung ass vun deem wéi aner Partner-Universitéiten ee selwer als Uni wäerte jugéieren. Do muss een ebe ganz gutt oppassen, wat fir eng Partner een an deene verschiddenen Domänen sech eraussicht, a mat wat fir enge Partner-Universitéiten een an Zukunft wëllt schaffen, well dat ass e wesentlechen Aspekt vun dem Fait wéi ee sech an d'international Konkurrenz aschreift.

De fënnefte Punkt ass dee vun der Mobilitéit, deen och en Deel vun der Uni Lëtzebuerg soll ginn, well en tel quel als Definitioun vun der Uni am Gesetz steet. Dat war jo d'ailleurs soss komescherweis en Haaptargument géint d'Uni Lëtzebuerg, well gesot ginn ass eis Studenten zu Lëtzebuerg mussen an d'Ausland goen, an dofir solle mer hei zu Lëtzebuerg keng ganz Uni opriichten, well dat déi Auslandsfreedegkeet oder dee Besoin, deen eis Studenten hunn, deen eis Gesellschaft d'ailleurs huet, et sinn net nëmmen d'Studenten, déi eis Gesellschaft huet, fir an d'Ausland ze goen, déi Erfahrungen déi se do kréien, anenkt, well dat eis an der Lëtzebuerger Kichen, déi mer da maachen, erstécken deet.

Haut hu mer an deen Text geschriwwen, datt déi Obligatioun fir an d'Ausland ze goen en Deel vun de Studien ass, déi e Lëtzebuerger Student maache muss. Dat fannen ech wesentlech. Ech muss awer och soen, datt dee Besoin fir haut an d'Ausland ze goe vläicht e Besoin ass, deen och haut en anere Kontext huet, well d'Ouverture no baussen, de Fait, dass mer eis anere Kulturen opmaachen, de Fait, dass mer eraus aus Lëtzebuerg ginn, dass jonk Leit aner Saache gesinn, vläicht awer en aneren Aspekt kritt huet an deene leschten zéng, zwanzeg Joer, dat kann een net leegnen, wéi dat an de sechzeger oder siwwenzeger Joren nach de Fall war.

Da muss ech och soen, wann ee sech als Zilsetzung gëtt, datt eis Lëtzebuerger Studente mussen an d'Ausland goen, mussen auslännesch Kulturen, mussen auslännesch Gesellschafte kenne léieren, da muss een awer natierlech och gutt oppassen, datt ee bei deenen Austësch, déi een organiséiert, déi Immersioun an aner Kulturen fäerdeg bréngt. Ech weess net, ob dann en Austausch oder Studenten op der Universitéit Metz, déi sécher als Universitéit hir Kompetenzen huet, oder d'Universitéit Tréier, déi sécherlech och als Universitéit hir Kompetenzen huet, eis zumindest dat assuréieren, d'Immersioun an aner Kulturen, well ech si mer net sécher, ob mer dat mat Metz a mat Tréier dee Moment erreechen.

Eis Universitéit seet och, datt se de Caractère multilingue wäert hunn. Eng Spezifissitéit vun der Uni ass déi, datt do a verschiddene Sproochen enseignéiert gëtt. Dat ass sécherlech eng grouss Qualitéit, well et et wéineg an Europa gëtt, a well mer do mat eisen Diplomen en internationale Charakter ginn, deen anescht ass wéi bei aneren Universitéiten. Ech fannen dat wichteg. Aner Universitéite probéieren et och, setzen et sécher och an d'Praxis ëm, mä hei gëtt et vill méi konsequent an als eng Normalitéit, e Must an de Curriculum ageschriwwen.

Dat bréngt natierlech och eng Rei Problemer mat sech. Et bréngt e Problem vum Recrutement mat, well déi Studenten, déi op der Uni Lëtzebuerg sinn, dann och Studente musse sinn, déi zu engem Deel Kompetenze schonn hunn a verschiddene Sproochen, éier se kommen, esou dass dat d'Zuel vun de Studente limitéiert, déi kënnen op d'Uni Lëtzebuerg goen. Ech fannen et trotzdeem e wesentlechen Aspekt, just aus deem Grond, well et eis kann ënnerscheede vun anere Länner, a well et den Diplomer, déi mer ausdeelen, déi Spezifissitéit gëtt, déi se kann op dem internationalem Plang als eppes Besonnesches aschreiwen.

Den nächste Punkt, deen d'Uni festschreift, ass d'Obligatioun vum Tutorat, wat e wéineg den angelsächsege System ass, wou dat säit ëmmer existéiert. Et ass net eis Traditioun. Ech mengen, et ass awer wichteg, notamment wa mer eng international Uni wëlle ginn, wa mer och de Geescht vun engem Campus wëllen erreechen, datt mer esou en Tutorat probéieren ëmzesetzen a probéieren en duerno konsequent duerchzeféieren. Ech si just gespaant, wéi mer dat mat deem Individualismus, dee mer awer als Lëtzebuerger nach ëmmer hunn, opgeweecht kréien, wéi mer dat an d'Realitéit duerchgesat kréien. Ech fannen et wichteg an och richteg, datt mer et maachen. Ech hoffen, datt et geet.

D'Andeelung an dräi Fakultéite vun eiser Uni war jo eng Diskussioun, déi laang gedauert huet. Ech fannen déi Solutioun vun dräi Fakultéite schonn eng Solutioun, déi logesch ass, déi iwwersiichtlech ass, déi deem entsprécht, wat mer actuellement maachen, an déi och deem wäert entspriechen, wéi ee sech kann eng zukünfteg Universitéit Lëtzebuerg virstellen.

En anere Punkt, dee vill diskutéiert ginn ass, ass dee vum Rektorat, vun den Organes de gestion. D'Organes de gestion sollen, denken ech, eng Mëschung sinn tëschent Matbestëmmung, Matsproocherecht vun alle Partner, Enseignanten, Studenten engersäits, an deem wat jo definéiert ass an de Missioune vun dem Conseil universitaire, vum Rektorat, vun der Direction administrative, wou a sech, wann een déi Amendementer kuckt, déi d'Chamberkommissioun elo bruecht huet, do eng Rei Rektifikatiounen, déi ech als positiv, wat Matsproocherecht ugeet, betruechten, plus nach déi Amendementer, déi de Conseil d'Etat an dem Fonctionnement vum Rektorat suggéréiert huet - d'Madame Stein huet dat richteg beschriwwen -, wann een dat elo kuckt am Gesamtresultat, et e korrekten Equiliber ergëtt vun op där enger Säit dem Matsproocherecht, an op där anerer Säit, an dat ass grad esou wesentlech, der Décisiounsfäegkeet vun enger Universitéit, eng Décisiounsfäegkeet, déi et eis erlaabt d'Universitéit schnell, korrekt an uerdentlech an deenen nächste Joren an d'Realitéit ëmzesetzen. Déi Décisiounsfäegkeet mat alle Matsproocherechter brauche mer op enger Universitéit, haaptsächlech wann et eng Universitéit gëtt, déi déi Gréisst an dee Kaliber kritt, déi mer mat dësem Text ustriewen.

Dofir soen ech, dëst Gesetz bréngt e Kader, dee sécherlech funktiounsfäeg ass, e Kader, deen awer nach an deenen nächste Méint a Jore muss mat Liewen opgefëllt ginn, e Kader, dee ka Succès bréngen, e Kader, deen awer nach kee Garant vum Succès ass, well dee Succès hänkt vun den Décisiounen of, déi an nächster Zukunft kommen.

An da wëll ech nach agoen op déi kruzial Froen, déi sech wäerten an deenen nächste Jore stellen. An datt sech wäerten eng Rei Froe stellen, wann een dëst Gesetz an d'Realitéit ëmsetzt, dat ass kloer. Hei musse sécherlech Weiche gestallt ginn. An déi Äntwerten, déi mer an deenen nächste Méint, an deenen nächste Joren op déi Froe ginn, déi wäerte Konsequenzen hunn. Et geet drëm an deenen nächste Joren, an deenen nächste Méint, kee Feeler ze maachen.

Mir musse wëssen, datt d'Universitéit zu Lëtzebuerg net wéi de Primärschoulunterrecht oder de Secondaireschoulunterrecht en Enseignement ass, dee sech intern bei eis an d'Land aschreift, deen och seng Vergläicher net nëmmen intern kritt. PISA war - vu datt d'Madame Brasseur hei ass - eng vun deenen éischte Studien, déi eis a sech an den internationale Verglach gestallt huet, wat de Secondaire ugeet. Och de Cours supérieur war bis elo e Cours, deen haaptsächlech fir Lëtzebuerger Studenten op war.

Dat wat mir elo maachen, dat ass eng Universitéit, déi sécher net nëmme fir Lëtzebuerger Studenten do ass, se däerf dat net ze sinn, mir klasséieren eis also kloer an däitlech an den internationale Kontext, an dat ass e Kontext, wou d'Qualitéit gemooss gëtt. Dat ass e Kontext, wou Konkurrenz existéiert. Dat ass e Kontext, ob mir dat wëllen oder net, wou Rankinge gemaach ginn, wou Universitéite klasséiert ginn. Déi Rankinge kann ee richteg oder falsch fannen, mä d'Wourecht ass, datt se gemaach ginn, an d'Realitéit, obwuel keen et zougëtt, ass, datt duerno gekuckt gëtt. Also muss ee kucken, datt een och an deem Ëmfeld korrekt ka bestoen, sech korrekt ka placéieren, an datt ee seng Plaz kann anhuelen, well wann een dat net mécht, dann ass een op verluerenem Posten. Dovu sinn ech iwwerzeegt.

An do ass villes, wat schwéier bemoossbar ass, wat awer, wann et och schwéier bemoossbar ass, gemooss gëtt. Villes leeft iwwer Psychologie. Villes leeft iwwer Bouche à oreille, an et ass wesentlech, datt een e gudde Ruff als Universitéit huet. Op wat dee sech ëmmer berout ass schwéier déterminabel, wesentlech ass awer, datt een en emol huet.

A mir hunn a sech, well mer elo eng nei Universitéit opbauen, eng formidabel Chance, well mer eis kënnen e gudde Ruff maachen, an dofir muss een immens oppassen, datt dat och an deenen nächste Méint korrekt iwwert d'Bühn geet, datt mer net schlecht ufänken, well e schlechten Numm ass ëmmer vill méi schwéier ewechzekréien, wéi et ass fir sech en neien ze schafen, wann ee vun näischt ausgeet.

Mer haten och eng grouss Diskussioun, ob déi Uni Lëtzebuerg sollt eng Institutioun ginn, en Etablissement public, oder dräi oder véier separat Etablissements publics. Hei hu mer véier Stéck elo zesummebruecht. Et hätt en et kënnen anescht upaken. Déi Trennung an dräi oder véier Etablissements publics hätt sécherlech och Avantagë gehat, an dat, wat mir elo maachen, dat gëtt eis eng grouss, heiansdo schwéier identifiabel Entitéit. Den Ëmrëss ass wahrscheinlech an Zukunft net ëmmer esou kloer an esou däitlech. Et ass haaptsächlech, well mer hei akademesch a professionell Filialen zesummebréngen: Dat wat fréier Fachhéichschoule waren, mer vun der Pedagogie zum Droit iwwert d'Informatik an d'Wëssenschafte ginn, an dat op verschidde Levelen. Dat ass vläicht eng Schwieregkeet, awer eng Schwieregkeet, déi ee kann an de Grëff kréien. Ech wëll e puer Remarken dozou maachen.

Dat éischt ass, datt déi Diskussioun net däerf gesi ginn als eng Ausso zu enger ganz aler Polemik, déi hei zu Lëtzebuerg existéiert, an déi de Sujet huet, wat dann elo hei zu Lëtzebuerg Universitaire ass, Universitaire wuel verstane mat engem groussen U geschriwwen. Säit Jore ginn Etiketten hin an hier gerappt, wat ech trotzdeem als onnéideg fannen.

Fir mech ass dat am Fong guer keng Fro. Dat Wuert universitaire huet a mengen A keng Wäertschätzung a sech. Dat ass a wäert an Zukunft nach ëmmer méi de Contenu an haaptsächlech d'Qualitéit vun der Formatioun sinn. Säit Joren ass den Ënnerscheed tëschent dem Universitaire an dem Non-universitaire ëmmer eppes méi Flouës ginn. A wann ech kucken am Frankräich zum Beispill, well dat eisen Noper ass, den Ënnerscheed tëschent „université“ a „grande école“, oder „université“ an „IUT“, do weess een net wuerfir dat genau steet. Dofir mengen ech soll net iwwert déi Wierder eng Polemik ausbriechen. Et soll een déi Enseignementer, déi mer maachen, un der Qualitéit moossen, déi se intrinsèquement hunn an domat huet et sech.

A wann ee kuckt den Avis iwwert d'Uni Lëtzebuerg, deen den CRP Henri Tudor geschriwwen huet, do ass eng grouss Ausernanersetzung, déi ganz interessant ass, mat deem Sujet, déi zu ähnleche Konklusioune kënnt wéi déi, déi ech elo gesot hunn, an déi ech recommandéieren ze liesen.

Déi zweet Reflexioun, déi ech wëll dozou maachen, ass déi vun der Transitioun, wéi se gemaach gëtt vun deem, wat elo besteet op dat, wat an Zukunft kënnt. Den Här Fayot a senger Motioun, déi mir alleguer zesummen, mengen ech, virun dräi Joer ofgestëmmt hunn, hat méi eng „transition douce“ virgesinn. Dat hätt erlaabt, douce opzebauen op deem Bestehenden an duerno au fur et à mesure den Ausbau vun eise Stäerkten ze maachen.

Dëse Projet huet e wéineg en anere Choix geholl, well en de Choix hëlt fir nei Strukturen opzebauen, quitte datt en dat Aalt natierlech eriwwerhëlt a bestoe léisst. Dat huet och en Avantage. Dat huet den Avantage, well et eis méiglecherweis vereinfacht de Sprong vun engem Niveau op deen anere méi einfach ze maachen an eis obligéiert en ze maachen.

Mir mussen eis effektiv bewosst sinn, datt dës Strukturen sech an eng international Kompetitioun aschreiwen, an datt dofir vill Changementer, fir deene Qualitéitsusprëch gerecht ze ginn, einfach noutwendeg an deenen nächste Jore wäerte ginn. Dësen Agrëff, deen elo gemaach gëtt an d'Strukturen, erliichtert dat sécherlech, mä dësen Agrëff vollbréngt et natierlech net. Mir sinn obligéiert eng Rei aschneidend Changementer schnell ze maachen a mir mussen se och maachen, wa mer den Uschloss elo net wëlle verpassen.

Drëtt Reflexioun ass iwwert déi Identifikatiounsschwieregkeeten, déi een eventuell duerch de Fait kritt, datt villes zesummegeluecht gëtt op der Uni, een do awer muss wëssen, datt mer verschidde Formatiounen hu mat verschiddenen Zilsetzungen. Et muss een et kloer gesinn, wann een duerno d'Uni an d'Praxis ëmsetzt.

Mir hunn eng Rei Formatiounen, déi haaptsächlech Formatioune si fir eise Besoins internes ze entspriechen. Dat ass normal. Dat ass och richteg esou. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg e Besoin fir déi méi professionaliséierend Filièren, ob dat elo den ISERP ass, den IESS, déi déi praktesch Formatioun vun eise Professere maachen, wou also méi enseignéiert gëtt, quitte datt do och Recherche selbstverständlech noutwendeg ass, mä méi eng spezifesch Recherche an eng Formatioun, déi méi breet ass. An dann hu mer déi universitär Filièren, déi sech méi an de Besoin international aschreiwen, an d'europäescht an an d'internationaalt Ëmfeld sech aschreiwen a wou och en anere Recrutement vu Studente virgesinn ass.An do geet et drëm ganz kloer performant ze sinn, do geet et drëm unzezéien, vu baussen unzezéien, do geet et drëm der Konkurrenz standzehalen, do geet et drëm anescht ze sinn, spezifesch ze sinn, besser ze si wéi aner Universitéiten, fir datt et duerno esou ass, datt d'Auslänner an d'Lëtzebuerger, oder d'Lëtzebuerger an d'Auslänner, wéi een d'Reiefolg och wëllt maachen, op d'Uni Lëtzebuerg ginn, well den Diplom, deen se do kréien, en Diplom ass, deen se wëllen an deen hinnen hëlleft weider ze kommen, well et en unerkannten Diplom ass. An datt et net esou ass, datt d'Lëtzebuerger op d'Uni Lëtzebuerg ginn, well et méi einfach ass, well se da keng Wunneng am Ausland musse sichen oder well et vläicht méi bëlleg ass. Dat däerf et net sinn. Et muss een op d'Uni zu Lëtzebuerg kënne goen, well een den Diplom gären hätt, an net well et just méi einfach ass. Ech mengen, dat ass eng vun de groussen Zilsetzungen, déi d'Realisatioun vun dëser Uni vun eis an der Zukunft verlaangt.

Et ass also, mengen ech, eng Erausfuerderung déi zwou Saachen ënnert een Hutt ze kréien, well se a sech deelweis anere Logiken entspriechen. Déi eng fir eis Besoins internes, déi aner déi sech an dem internationalen Ëmfeld méi kloer an däitlech aschreiwen. Dat Ganzt ass elo mat deemselwechte Gesetz ofgedeckt, dat Gesetz léisst dat d'ailleurs och zou. Ech mengen zwar, datt et eng vun de Schwieregkeete vun der Realisatioun wäert ginn, keng onléisbar Schwieregkeet, mä trotzdeem. An do ass fir déi Instanzen, déi, déi d'Uni an Zukunft wäerten dirigéieren, vill Spillraum, mä ech mengen, datt se awer och vill Réckgrad an eng kloer Visioun mussen hu fir dat an d'Realitéit an deenen nächste Méint a Joren ëmzesetzen.

Eng aner Diskussioun, déi dobausse gefouert ginn ass, ass déi vun der Fro: Wat fir eng Uni wëlle mer? Mir hunn alleguerten Artikele gelies, vill Artikele gelies, Konferenzen héieren iwwert d'Universitéit Lëtzebuerg, wou déi eng eng Research University gefrot hunn, eng kleng Universitéit, haaptsächlech nëmme Recherche mat e puer Studenten drop, wou déi aner gesot hu mir mussen elo en Topdown-Opbau maachen, vun uewen no ënnen. Dann hu mer d'Expäre vun Aix héieren, vu Limerick, vu Genève. Ech denken, wann ech den Exposé des motifs liesen, wat dee seet, datt déi Ausso am Exposé des motifs relativ kloer ass. Do steet: «L'Université de Luxembourg est une université spécialisée ayant recherche et enseignement de taille réduite et à rayonnement international.» Fir mech ass déi Ausso an där ganzer Kierzheet, déi se do huet, awer enorm kloer. Zumindest ass se kloer fir deen Deel vun der Uni, dee sech an den internationale Kontext aschreift, an et ass och esou wou ech se wëll gesinn. An dat ass och sécherlech mat deem Gesetzestext, dee mer hei virleien hunn, méiglech.

Et geet awer net onbedéngt als Obligatioun aus deem Gesetzestext ervir, mä d'Ëmsetzung wäert weisen, ob déi Zilsetzungen och hei hire Wee an d'Realitéit kënne fannen, datt awer déi Zilsetzung, déi richteg ass, an déi Zilsetzung och muss sinn, dat gëtt och an all deenen Avisen, déi zum Gesetzestext komm sinn, ënnerstrach a begréisst. Ech zitéieren elo hei just de Conseil d'Etat, dee seet: «Ceci implique», iwwert d'Universitéit, «donc qu'elle n'a pas vocation à offrir toute la palette de disciplines universitaires, ce que le Conseil d'Etat ne peut qu'approuver dans les circonstances actuelles.»

Dat ass kloer an däitlech. Mir kënnen, wëllen, sollen net alles maachen. Mir wëllen a sollen dat maachen, wou mer staark sinn, a wat mer kënnen an d'Realitéit ëmsetzen. Dat muss kloer an den Ae vun engem zukünftege Rektorat sinn. Dat kann d'Regierung och zu engem Deel steieren iwwert déi véier Joresprogrammen, déi se da mat där zukünfteger Universitéit wäert aushandelen. Alles maachen, ze grouss gesinn, ze vill wëllen, ze schnell ze vill wëllen, ka souguer der Uni an deenen nächste Joren eng ganz Rei Problemer schafen. Et ass och eng Fro vu Finanzen, déi sech an dësem Kontext stellt.

An da vläicht eng Remarque zu der Fiche financière, well do mat Berkeley duerno verglach gëtt, an der Finanzopdeelung vun der University of California, wou ech awer trotzdeem d'Remarque wëll maachen, datt dat e ganz gefäierleche Verglach ass, d'Opdeelung vun deem wat d'Universitéit am Fonctionnement braucht a wat se dann als extern Einnahmen erakritt, well trotzdeem Berkeley, deen 19% iwwer Tuition and fees erakritt, Aschreiwungsgebühre vun 13.009 Dollar d'Joer freet, wat enorm ass, awer ee vun deene gréisste Fundraiser an Amerika ass. Ech weess net, ob mir direkt esou vill Fundraising fäerdeg bréngen wéi Berkeley dat fäerdeg bréngt. Et géing mech wonneren, wann ech mech emol esou däerft ausdrécken, a well et awer och eng Research University ass, déi eng laang Traditioun huet.

Ech mengen, déi Zilsetzung kann a soll een sech vläicht setzen, vun dem Research an dem Fundraising, ob mer déi awer esou schnell erreeche wéi Berkeley dat huet, do géinge mir awer emol nach e Fragezeichen hannendru stellen.

Mir mussen oppassen, datt dat wat mer maachen an déi Selektioun vun Domäner, déi mer ubidden, datt mer do d'Qualitéit ofsécheren. Den Text gesäit do eng Rei Saache vir. Notamment seet den Artikel 43, wat jo a mengen Aen en enorm wichtegen Artikel ass, datt eng Evaluatioun virgesinn ass, an datt mer regelméisseg Qualitéitskontroll maachen. Qualitéitskontroll vun allen Aktivitéite vun der Uni, souwuel vun der Administratioun wéi vun den Enseignementen, wéi vun der Recherche a vun dem Enseignement, deen de Corps enseignant mécht.

Ech fannen dat richteg, an dat ass extern virgesinn. Och dat ass richteg. Dat ass d'ailleurs op aneren Universitéiten eng absolut Normalitéit. An de Vereenegte Staten ass et esou, datt déi sou genannten Accreditation Commission op deene groussen Universitéiten aus- an ageet, datt do all Joers Evaluatioune gemaach ginn, och Universitéite wéi Berkeley eben oder wéi Harvard, oder wéi Stanford, maachen dauernd Evaluatiounen, vun allem, wat se maachen, ganz einfach mat der Zilsetzung, net fir e Jugement fir do 50 vu 60 ze kréien, neen, oder 60 vu 60 ze kréien, mä ganz einfach well et deen eenzege Wee ass fir ëmmer an ëmmer sech ze erneieren, fir ëmmer an ëmmer besser ze sinn, an dat ass an der universitärer Welt eng absolut Obligatioun, wann ee sech wëllt op deem Niveau halen op deem ee sech muss halen, fir net ënner ze goen.

Mä domat geet et net duer. Ech hat d'Geleeënheet kuerz mat dem Vizepresident vun der University of California virun e puer Méint ze schwätzen. Mir hunn och do d'Fro gestallt: Mä wat mécht een da fir eng Qualitéitsuni ze maachen? D'Äntwert war ganz simpel, ganz einfach. Et muss ee kucken, datt ee gutt Proffen a gutt Studenten huet. Bon, dat mag elo eng einfach Äntwert sinn, mä och déi doten Äntwert, wann een denkt wat heescht dat doten, wat dann elo geäntwert gëtt, dat ass ebe just wahrscheinlech déi grouss Schwieregkeet, well do stellt sech d'Fro vun de Modalitéite vum Recrutement vun Enseignanten, déi sech evidenterweis mussen am internationalen an am europäesche Kontext aschreiwen. Et stellt sech och d'Fro vun der Admissioun vun

de Studenten op der Universitéit Lëtzebuerg, an dat ass a mengen Aen eng zentral Fro. Wéi ginn déi Admissioune gemaach? Huele mer do e System, wou jiddfereen erakënnt, wou duerno an deenen éischte Joren eng Selektioun gemaach gëtt? Maache mer eng Selektioun à l'entrée a kucke mer dann, wa mer se bis eran hunn, alleguer duerch ze kréien?

Dat eenzegt, wat ech wëll soen, dat ass, datt et fir mech en zentrale Punkt vum Geschehe vun enger Universitéit ass. Wann ee kuckt wat eng Universitéit wéi Harvard zum Beispill fir Efforte mécht, fir de Recrutement vun hire Studenten esou ze assuréieren, datt se einfach sécher sinn, datt se déi richteg Studenten op hir Universitéit huelen, da gesäit een, datt dat e wesentlechen Aspekt vun hirer Politik ass. Mir wëllen net Harvard ginn. Dat ass eis absolut evident, dat ass och net eis Zilsetzung. Dohinner brauche mer och net ze steieren.

Nach, muss ech soen, ass d'Regelung vun der Admissioun, d'Admissiounspolitik, déi mer maachen, awer en Aspekt vun der Politik vun enger Universitéit, an et muss ee kucke wéi een dat hikritt, fir déi Ziler, déi ee sech da selwer als Universitéit setzt, och duerno kënnen ze erreechen. An do muss ee soen, dat ass och vu Filière zu Filière verschidden, well mir hu jo, an dat hu mer virdru gesot, verschidden Typë vu Filièren, also muss een och dat net als eng global Politik gesinn, mä eng ganz kloer typéiert Politik, déi sech vu Filière zu Filière adaptéiert. An do ass et och wesentlech, datt do an deenen nächste Méint déi richteg Décisioune geholl ginn. De Gesetzestext gëtt engem do déi Méiglechkeeten, déi ee braucht, fir déi richteg Décisiounen ze huelen.

D'Madame Hennicot huet eng Kéier - et ass awer scho laang hier - op enger Pressekonferenz gesot, oder bei engem Exposé gesot: «Mir brauchen eng Uni, déi „small but beautiful" ass.»

Ech fannen dat richteg. Dat heescht, mir kënnen net alles maachen, mä dat wat mer maache musse mer gutt organiséieren.

Mir haten eng Rei Hearingen hei an der Chamber, wou mer déi verschidde Partner vun der Universitéit komme gelooss hunn, déi hir Iddien développéiert hunn. Do hu mer eng ganz Rei vun Iddie kritt, an dat war och gutt a richteg esou an enger éischter Etapp. Et huet een awer och gesinn, datt all déi Iddien, déi komm sinn, esou wéi se komm sinn, net alleguer direkt an d'Realitéit ëmsetzbar sinn, datt do eng Rei Choixen ze huele sinn, datt do eng Rei Richtungen unzegi sinn, datt et do eng Rei Décisiounen ze huele ginn, an ech denken, datt dat de Rektorat plus deen ausgehandelte Plang vun der Regierung an där nächster Zäit muss maachen, Prioritéite setzen do wou se musse gesat ginn, fir datt déi Universitéit small a beautiful haaptsächlech ka ginn.

Ee vun deene leschte Punkten, deen an der Diskussioun steet, ass dee vun de Siten. Och dat ass eng grouss Diskussioun gewiescht. Et ass evidenterweis ideal, wann ee Site an engem Campus do ass. Et gëtt awer alles dobaussen an anere Länner. Wann ech kucke wéi eng Universitéit Sorbonne an eng Universitéit Heidelberg organiséiert sinn, wat awer grouss Universitéite sinn, déi sech duerch d'ganz Stad éparpilléieren, dann ass dat ee Modell, op där anerer Säit, wann een d'amerikanesch Universitéite kuckt, déi alles op engem Campus zesummen hunn, dann ass dat en total anere Modell, dee sech do opbaut. Déi zwee Modeller kënnen, wann een se gutt upéckt, fonctionnéieren. Ech mengen dee Choix, deen elo haut an enger éischter Etapp geholl ginn ass, ass e Choix vun der Realitéit vun haut.

Mir hunn haut dräi Siten. Mir kënnen net alles aus der Äerd nei schafen. Mir kucken, datt mer mat deene Siten, déi mer hunn, elo an Zukunft sollen ufänken. Dat ergëtt d'Logik. Ech muss als Schäffe vun der Stad Lëtzebuerg och soen, dass ech wierklech frou sinn, datt ee vun deene Siten och momentan virgesinn ass, fir an der Stad ze bleiwen, well ech ka mer eng Stad Lëtzebuerg net gutt ouni Universitéit virstellen, an ech wëll mer se och net ouni Universitéit virstellen. Ech mengen, datt et Sënn huet, datt eng Universitéit, wou Ekonomie gemaach gëtt, wou Juristerei gemaach gëtt, an eng Haaptstad vu Lëtzebuerg einfach passt. Ech sinn och der Meenung, datt en Technologiezentrum op d'Friches industrielles vu Belval passt. Dofir gëtt déi Propositioun a mengen Aen, esou wéi se elo do steet, Sënn.

Dann nach ee Wuert iwwert d'Autonomie. Och dat ass e wesentleche Punkt. Wann Universitéit wëllt fonctionnéieren, da muss se Fräiheet hunn, fir ze fonctionnéieren. All Universitéiten, déi vum Stat en Deckel opgesat kréien, hu Problemer fir weider ze évoluéieren. Dat gesäit ee scho ganz eleng un deem Beispill vun den däitschen Universitéiten an der Nazizäit, déi net méi déi akademesch Fräiheet haten an déi domat och net méi dee Rendement an der Recherche, an der Wëssenschaft haten, dee se virdrun haten. Dat gesäit een och un den englesche Universitéiten, déi zum Beispill, dat ass zwar scho laang hier, an der englescher industrieller Revolutioun net dee Rôle gespillt hunn, dee se normalerweis hätte misse spillen, ganz einfach well se enger Gesellschaftsschicht, der Aristrokatie, an dësem Fall ze vill ënnerstallt waren. Alles dat bremst d'Uni. Dofir ass d'akademesch Fräiheet fir d'Entwécklung vun der Uni eng absolut Nécessitéit.

D'akademesch Fräiheet, et ass just eng Fro: Wéi definéiert een se? D'Amerikaner definéieren se duerch dräi Typë vu Fräiheeten. D'Fräiheet vun de Studenten an den Enseignantë fir op d'Uni ze kommen. D'Fräiheet fir iwwer Curriculen, Diplomer an iwwert d'Standarden ze décidéieren. A Fräiheet fir hir Fongen esou ze géréiere wéi si et als richteg fannen a fir Recherchen, Enseignementer esou ze organiséiere wéi si et als richteg emfannen. Dat heescht eng grouss Fräiheet gëtt do designéiert, an dat ass e wesentleche Bestanddeel vun hirer Compétitivitéit.

Mir mussen déi Autonomie och kréien. Mir sinn net gewinnt un Institutioune mat vill Autonomie. Ech regrettéieren, an ech soen dat och ganz kloer an däitlech hei, datt de Conseil d'Etat, andeem hie sech referéiert huet op den Artikel 23 a 36 vun der Constitutioun, wat och constitutionnel - den Här Meyers kuckt mech - wäert richteg sinn, wann de Conseil d'Etat dat seet. Ech regrettéieren et just, well ech mengen, datt déi Autonomie, déi d'Uni misst kréien, awer hei duerch de Fait, datt mer elo deenen Artikele vun der Constitutioun musse Rechnung droen, e wéineg ageschränkt gëtt, mä et kann ee sech nach an deenen nächste Joren iwwerleeën, ob een déi Situatioun net anescht gebéit kritt. Ech sinn op jidde Fall Partie prenante dovunner.

De Professor McDonnell vu Berkeley schreift, datt Autonomie awer net kann absolut sinn, mä dass Autonomie muss en héije Grad vun Independenz hunn, an dat heescht fir d'Collegen an d'Universitéiten, datt se kënnen hir Zilsetzunge wielen, an datt se sech kënnen a mussen d'Moyenë ginn, fir déi Zilsetzung, déi se sech gewielt hunn, och ze erreechen. Hie schreift zwar da vun enger ganz grousser Auserananersetzung zwëschent dem Equiliber vun der Autonomie op där enger Säit a vu Rechenschaft ofliwweren, „Accountability" nennt hien et, op där anerer Säit. Och dat ass eng Iwwerleeung, déi elo net am Gesetzestext beinhaltet ass, déi wahrscheinlech awer an deenen nächste Méint nach vill wäert kommen. Wéi kann déi Autonomie a Rechenschaft ofliwweren op där Universitéit zu Lëtzebuerg hei stattfannen?

Dann e lescht Wuert - an dann halen ech op, well et schonn enorm laang war - iwwer Bologna. Mir schreiwen eis resolut mat dësem Text, an ech fannen dat wesentlech richteg, an deen neie Prozess vu Bologna an, an den ECTS-System, deen d'Madame Stein scho richteg beschriwwen huet, well dat nun einfach déi europäesch an déi international Zukunft ass. A fir déi, déi soe mir géingen eis mat deene Bezeechnungen amerikaniséiere, da muss ech soen, datt souwuel de Bachelor wéi de Master Bezeechnunge waren, déi schonn op de mëttelalterlechen Héichschoulen hei an Europa bestanen hunn an dofir dat eng al europäesch Traditioun ass, déi mer zréckhuelen.

Mä et implizéiert awer och nach eng Rei aner Saachen. Mir hunn hei déi Reflexioun vun deenen Titele Master a Bachelor op d'Universitéit Lëtzebuerg gemaach. Mir definéieren se, an dat ass absolut richteg, och net onbedéngt a Joren, mä an Zilsetzungen, wat mer mat deenen Diplome wëllen erreechen. An da ginn et Bacheloren, déi dräi Joer hunn, déi 180 oder 240 Kredit hunn, déi dräi oder véier Joren hunn, et gi Masteren, déi een oder zwee Joren hunn, an dat ass och richteg, well et hänkt jo einfach vun deem Inhalt of, vun de Fächer of, déi ee léiert, wann een dat mécht.

Ech soe just, dat do ass eng Reflexioun vu Flexibilitéit, fir Studien net méi a Joren ze gesinn, mä an Inhalter ze gesinn, déi awer net op der Uni däerf stoe bleiwen. Mir definéieren haut nach zum Beispill an der Fonction publique, mä och nach op anere Plazen, eis Studiencyclë mat quatre années universitaires accomplies, oder wéi och ëmmer dat heescht, oder e Cycle de formation complet de quatre années accomplies. Och do muss déi Reflexioun, déi mer elo hei an d'Uni aféieren an déi eng richteg Reflexioun ass, iergendzwouch eng Kéier gefouert ginn. Ech regrettéieren, dass se net parallell gefouert ginn ass, mä ech mengen, datt wa mer do aner Titelen aféieren, wa mer do en anere Prinzip aféiere wéi just dee vun de Joren, och dat eng Reflexioun ass, déi hei an op anere Plaze muss hiren Ëmschwong fannen. Dat schéngt mer kloer an dat schéngt mer och däitlech ze sinn.

Da just d'Konklusioun, déi ech wëll soen, mir schafen ons hei e Kadergesetz, wat ons erlaabt e Quantesprong fir d'Universitéitswelt zu Lëtzebuerg ze maachen, e Kadergesetz wat grouss Linnen opzeechent tëschent deenen sech eng zukünfteg Uni Lëtzebuerg kann opbauen, e Kadergesetz, wat elo muss mat Inhalt gefëllt ginn, an dat ass normal. Ech hoffen, datt déi Leit, déi an deenen nächste Méint d'Responsabilitéite kréien, och déi richteg Hand hu fir deen Inhalt esou ze gestalten, datt e funktiounsfäeg ass, an datt en eis an déi international Konkurrenz korrekt a gutt kann aschreiwen. Meng Fraktioun wäert dësen Text stëmmen an ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech wëll behaapten, dass dëst Gesetz dat wichtegst vun der ganzer Legislatur ka sinn. Et ka sécher e Meilesteen an der intellektueller a kultureller Geschicht vu Lëtzebuerg sinn, ënnert der Bedingung, dass d'Ausféierung vum Gesetz réusséiert.



Allgemeng, et ass schonn de Moie gesot ginn, wësse mer, dass laang Joren d'Eliten an och d'Bildungsbiergertum, wann een dat esou kann nennen, zu Lëtzebuerg contestéiert hunn, dass et eng Uni hei zu Land kënnt ginn. Haut gëtt et nach vill Leit, déi ënnert de verschiddenste Prétexten esou eng Uni refuséieren. Dofir wëll ech dës prinzipiell Astellung vum Conseil d'Etat zu der Uni zitéieren, eng vu villen, déi an deene ville Rapporten an Avise stinn: «Le Conseil d'Etat constate avec satisfaction que le débat plus que centenaire sur l'opportunité d'un enseignement universitaire à part entière pour notre pays est clos», a weider, «le fait de ne pas disposer d'une véritable université constitue un sujet d'étonnement voir d'incompréhension à l'étranger et un inconvenient majeur pour le développement de notre pays dans de nombreux domaines.»

Et freet mech, dass de Conseil d'Etat, dee jo net als e revolutionäert Organ bekannt ass, déi Linn vertrëtt. Ech sinn iwwerzeegt, dass deen intellektuelle Potenzial, deen eng Uni schaaft, déi Expertise, déi do entsteet, an déi intellektuell Emulatioun, onst Land weiderbréngt.

Allerdéngs, wann dëst Gesetz och dat wichtegst ass oder ka sinn, ass et net dat bescht, trotz, muss ech soen, deene villen Efforten, déi an der Kommissioun ënnert der Leedung vun der Madame Presidentin Stein gemaach gi sinn. Et huet menger Usiicht no vill Mängel, déi vun de politeschen Optiounen an och vun der Method ofhänken, déi d'Regierung gewielt huet, an och vun der Hektik mat där et behandelt gouf. Et bleiwen och vill Onklorheeten.

Här President, mir Sozialisten hunn iwwer 20 Joer, wäit iwwer 20 Joer, fir esou eng Uni geschwat a gehandelt. Mir hunn an onsem Wahlprogramm vun 1999 ausféierlech dozou Stellung geholl. Mir hu fir eng international Universitéit zu Lëtzebuerg plädéiert, déi op sollt si fir Studente vu Lëtzebuerg a vun der ganzer Welt, an ech zitéieren aus onsem Programm: „Kein Land kann auf die Dauer ohne ein leistungsfähiges Hochschulwesen auskommen." Mir hu plädéiert fir eng autonom funktionéierend Universitéit zu Lëtzebuerg, an där sech Fuerschung an Enseignement géigesäiteg géife befruchten, a mir hunn déi Spezialitéiten opgezielt an deenen een an der Zesummenaarbecht mat den Universitéite vun der Groussregioun esou eng Universitéit schafe kënnt. Schliesslech hu mer fir en dezentrale Modell plädéiert, dee lues a lues opgebaut an organesch wuesse soll.

Vill manner prezis war den DP-Programm an där Hinsicht, dee sech fir „eine hochwertige Universität in Luxemburg" ausgeschwat huet. E bësse vague, muss ee soen, gouf do vun enger Universitéit, déi de Besoinen an de Fäegkeete vum Land géif entspriechen, geschwat.

D'CSV, interessant och festzehalen, war méi virsiichteg a méi prezis zugläich. Ech zitéieren aus dem CSV-Programm: „Die CSV ist für den Ausbau der Hochschulstrukturen so wie im Gesetz vom August 1996 vorgesehen." Manifestement wollt d'CSV, ausser enger Partie klenger Reformen, net iwwert dat erausgoe wat bestong.

D'Onprezisioun vum DP-Wahlprogramm an déi konservativ Astellung vun der CSV zu deem Thema erklären, dass d'Astellung vun der CSV/DP-Regierung vun Ufank un negativ a frilös geprägt war.

Am Numm vun der Regierung huet de Statsminister den 12. August 1999 gesot: „Mir wëlle keng voll ëmfänglech Universitéit zu Lëtzebuerg", an dat Joer drop am Etat de la Nation: „Lëtzebuerg braucht keng komplett Uni". Wou een natierlech ëmmer erëm dat Wuert komplett gehéiert huet an nach ni erkläert krut, wat eigentlech eng komplett Uni soll sinn.

Deen eenzege Programm vun der Regierung op deem Plang war et d'Gesetz vun 1996 auszeféieren, also den CSV-Programm duerchzeféieren. Dëst Gesetz gëtt haut ofgeschaf an domat, muss een allerdéngs politesch constatéieren, maachen d'CSV an och d'CSV-Ministesch eng komplett Kehrtwendung säit hirem Wahlprogramm vun 1999.

Ufanks 2000 hat d'Regierung e Wäissbuch iwwert d'Fuerschung an d'Héichschoulwiesen erausginn, dat grad wéi dëst Gesetz ouni iergendeng Consultatioun vun den interesséierte Milieue geschriwwe gouf. Dëst Wäissbuch huet allerdéngs näischt méi hiergi wéi de Regierungsprogramm selwer.

Am Juni 2000 hunn ech d'Regierung iwwer hir Héichschoulpolitik interpelléiert. Meng Fraktioun huet sech deemools erëm eng Kéier kloer an däitlech fir eng Uni zu Lëtzebuerg ausgeschwat. D'Motivatioun vun der LSAP fir eng Uni zu Lëtzebuerg war an ass: Eng Uni zu Lëtzebuerg bréngt méi Chancëgläichheet fir all Jugendlech. Si erlaabt hinnen Unisstudien am Land ze absolvéieren. Onst Land muss méi Universitairë forméieren. D'Uni zu Lëtzebuerg kann dofir och en Ustouss ginn. Mir leien nach ëmmer ënnert der Moyenne vun den entwéckelte Länner, wat ons Héichschoulabsolventen ugeet. Mir hätten nom Statec 7.689 Studenten am Joer 2001 - dat sinn nach ëmmer keng 2% vun der Populatioun -, während den Duerchschnëtt vun Europa bei 2,5% läit.

Ganz allgemeng ass d'Verlängerung an d'Verdéiwung vun der Formatioun op engem méiglechst héijen Niveau eng wirtschaftlech, eng sozial a kulturell Noutwendegkeet. Dorunner miesst e Land säin Niveau a säi Fortschrëtt. Déi sukzessiv CSV/LSAP-Regierungen hunn zwëschent 1984 an 1999 no an no wichteg Instrumenter geschafe fir souwuel d'Fuerschung wéi d'Héichschoulwiesen zu Lëtzebuerg auszebauen. Dozou huet d'Gesetz vun 1987 iwwert d'Fuerschung gehéiert, d'Gesetz vun 1996 iwwert d'Héichschoulwiesen, an d'Gesetz vun 1999 iwwert en nationale Fuerschungsfong. Während d'Gesetz vun 1996 an der Ëmsetzung stieche blouf, hunn d'Gesetzer vun 1987 an 1999 gutt Resultater bruecht.

No der Motioun, déi d'Chamber eestëmmeg no menger Interpellatioun mam Accord vun der Regierung ugeholl hat, hätt d'Chamber eigentlech eppes ganz aneschters décidéiert wéi dat, wat elo am Gesetz 5059 steet. An där Motioun gouf virgeschloen, dat auszebaue wat besteet, et zesummen ze brénge an duerch déi Federatioun vun deem Bestehenden eng nei Dynamik ze développéieren.

D'Uni Lëtzebuerg sollt en Netz vun autonomen Instituter ginn, wou jiddfer Deel seng Autonomie behale géif a sech weiderentwéckele sollt. D'Regierung dergéint mécht Tabula rasa. Esou kritt mat dësem Gesetz den IST den Doudesstouss, wann een dat esou ka soen. Den ISERP verschwënnt à terme. An och den Institut d'études sociales, grad wéi de CUNLUX. Si ginn alleguerten an d'Uni Lëtzebuerg, beziehungsweis an déi verschidde Fakultéiten integréiert an opgeléist. Dat wat se ausgemaach huet, also och hir Avantagen, déi mat der Zäit gewuess sinn, ginn da mat engem Coup verluer. Et besteet ab der Rentrée 2004 näischt méi vun den heitege Strukturen. Dat ass eng riskant Operatioun, déi also kee Recht op Iertum oder Echec gëtt, well mer soss virum Näischt stinn.

Dëst ass d'Konsequenz vum politesche Choix vun der Regierung. Dëse Choix gouf, muss ech leider soen, net duerch en öffentlechen Débat getraff, mä hanner veschlossenen Dieren, trotz dem eestëmmege Wonsch vun der Chamber am Joer 2000. D'Ministesch an hir Conseillere mat auslänneschen

Expären, den Hären Downer a Weber engersäits, an dem Här Capella anerersäits, hu sech eppes ausgeduecht. Den CNES, de Conseil national pour l'enseignement supérieur, dee vum Gesetz vun 1996 als berodent Organ fir Héichschoulfroen agesat gi war, gouf net gefrot. Dofir huet säi President, den Här Mackel, eng öffentlech Konferenz gehale fir seng Meenung duerzeleeën.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Och d'Chamber gouf am Virfeld net zur Debatt invitéiert. Si gouf mat engem fäerdege Projet konfrontéiert un deem se gréisstendeels nëmme reng technesch Detailer ännere konnt. Et gesäit allerdéngs esou aus, wéi wann d'Madame Minister wëssentlech keen öffentlechen Débat organiséiert hätt, si hat anscheinend genuch Aarbecht fir hir Koalitionären an hir eege Leit ze iwwerzeegen.

Et waren zwou verschidden Zorten Expären um Wierk. Déi eng hu fir eng Fuerschungsuniversitéit mat héije Spezialisatioune plädéiert, an déi aner fir eng traditionell Universitéit mat Fakultéiten. An de gudden Här Dondelinger huet déi zwou grondverschidde Piste missen iergendwou zesummebréngen.

Et gëtt verschidden Optioune fir eng Uni Lëtzebuerg. Déi eng hätte gären eng reng Fuerschungsuniversitéit an héchstens postgraduate Studien. Den Här Mackel, ech hunn e schonn zitéiert, President vum CNES, huet dat gefrot. D'FEDIL huet drop insistéiert grad wéi eng Partie Wirtschaftkreesser, déi den direkte wirtschaftleche Gewënn vun enger Uni gesinn, an dofir ass jo och d'School of Finance als Deel vun der Uni gegrënnt ginn, éier iwwerhaapt d'Uni bestanen huet.

Och d'Chambre des Métiers wiert sech dergéint, dass Beruffsausbildungen an d'Uni intergréiert ginn, well si fäert doduerch méi héich Lounfuerderungen och op anere Gebidder spéider. Déi Kreesser gleewen net drun, dass een zu Lëtzebuerg eng héich qualitativ Uni fir Fuerschung a fir Léieren zugläich schafe kann, a si mengen, et wär nach ëmmer besser a méi bëlleg, besonnesch d'léierend Formatioun op den auslänneschen Unië maachen ze loossen. Dat ass awer wierklech e bësse kuerz gegraff.

Lëtzebuerg huet Bedürfnisser vun eegene Formatiounen am schouleschen, am technologeschen an am soziale Beräich. D'Chamber des Employés privés insistéiert ganz richteg op d'Besoine vum Land vun Ingénieurs industriels, Educateurs gradués, Formatiounen am Gesondheetssecteur, also Fachhéichschoulformatiounen, déi de private wéi den öffentleche Secteur braucht. Datselwecht gëllt fir de lifelong learning. Iwwregens ass net evident, wat elo op der Uni domat geschitt. Dat bestehend verschwënnt mat engem Fiederstréch. Nei eegen Instituter en formation professionnalisante am Ufank an en formation continue ginn net geschafen. D'Chambre des Employés privés, déi op deem Gebitt vill geleescht huet, proposéiert dofir en Institut de formation continue, dat un d'Uni rattachéiert géif, an am Kader vun den Initiativë vun aneren Institutioune méiglech bléif.

Zum Projet selwer. Ursprünglech, well de Projet huet jo trotz allem évoluéiert - an ech wäert gläich soen a wéi engem Sënn -, war virgesinn, am Géigesaz zum Gesetz vun 1996, dass dëst Gesetz sollt eng méi grouss Flexibilitéit bidden. Et sollt net alles am Gesetz figéiert ginn. Et sollten nei Pistë méiglech ginn, wann dat sech als néideg géif erweisen.

Zweetens: D'Grondlagefuerschung sollt virun der wirtschaftlech nëtzlecher Fuerschung mat direkter praktescher Uwendung stoen.

Drëttens: D'Uni sollt d'Initiativ kréie fir Formatioune vum drëtte Cycle mat ze maachen oder selwer ze organiséieren.

Véiertens: D'Uni sollt als eenzeg Institutioun fir Fuerschung a Formatioun eng kritesch Mass kréien, amplaz dass villes verspreet ass, raimlech wéi administrativ.

Fënneftens: D'Lëtzebuerger Héichschoulwiesen sollt endlech international visibel ginn.

Sechstens: D'Struktur sollt esou sinn, dass net déiselwecht Leit organiséieren a sech kontrolléieren, wéi dat zum Deel am Gesetz vun 1996 war, a villes dovunner ass wéi gesot ënnerwee verluer gaangen.

Eng vun den Haaptpréoccupatiounen, déi vu villen direkt Interesséierten ervirbruecht gouf, vun de Studente vun der ACEL, vun den Enseignants chercheurs, vun de Gewerkschaften a vun de Beruffschamberen, ass dee staarken Zentralismus, deen dem Recteur an dem Conseil de gouvernance ganz vill Muecht gëtt.

Bekanntlech, dat muss ech kuerz rappeléieren, gëtt et jo dräi Organer fir d'Féierung vun der Uni: de Conseil de gouvernance, de Rektorat an de Conseil universitaire. De Conseil de gouvernance steet un der Spëtzt vun den Organer vun der Uni. Et ass e bëssen, ech géif e vergläichen, eppes wéi de Conseil européen an der Europäescher Unioun. E bestëmmt d'Strategie vun der Uni an e kontrolléiert d'Ausféierungen. Dëse Conseil besteet aus siwe Leit. Ech mengen de Choix fir e klenge Conseil ass gutt, well et jo net nëmmen e Kopfnickerconseil gëtt, mä een, deen nodenken a schaffe muss.

D'Zesummesetzung wäert spannend ginn. Vun deene siwe Leit hänkt gréisstendeels of wat aus der Uni gëtt. Dem Gesetz no solle véier dovunner Verantwortung an engem Unisbetrib hunn oder gehat hunn. Si däerfen also keng Funktioun an der Lëtzebuerger Uni hunn, an et ass ze hoffen, dass d'Regierung dobäi aktiv a kreativ Leit fënnt. Et geet net drëm Leit, déi schonns op ville Plaze Posten a Conseilë cumuléieren, nach eng weider Plaz ze ginn. Et geet drëm Leit ze fannen, déi sech fir d'Uni asetzen, an et geet drëm Leit ze fannen, déi am Unisliewen dra sinn, déi wësse wéi d'Tendenzen iwwerall sinn, an déi erabréngen. An et geet drëm, dass déi dräi aner, niewent deene véier, de Kapp genuch op hu fir fortschrëttlech an innovativ ze sinn.

Natierlech stellt d'Fro sech och - zwëschent Klammeren - wéi déi Leit, déi net an der Uni dra sinn, dat heescht an der Uni Lëtzebuerg dra sinn, hir Informatioune kréie fir hir Aarbecht am Conseil de gouvernance ze maachen. D'Onofhängegkeet huet hir gutt Säiten, mä och hier Désavantagen, wa se net gutt genuch informéiert ginn.

D'Fro stellt sech och, wien niewent deene véier Unispersonnalitéiten an de Conseil de gouvernance komme soll. Nom Wonsch vum Conseil d'Etat, wéi ëmmer bei de Gesetzer iwwert d'Etablissements publics, däerfe keng Leit, déi an der Verwaltung den Etablissement public ze kontrolléieren hunn, Member vum Conseil ginn. Et wier net gesond, wann niewent dem Commissaire an där streng zentralistescher Struktur och nach Fonctionnairë vum Ministère am Conseil de gouvernance sëtze géifen. Vill méi solle Leit aus dem kulturellen, sozialen a wirtschaftleche Liewen dra sinn. Mä nach eng Kéier, wann ech gelift, keng Cumularden.

Wat de Recteur ugeet, sollt hien déi wichtegst Exekutivpersoun ginn. Vill hu gefäert e géif ze vill Pouvoirë kréien. D'Regierung, nom relativen Echec vum CUNLUX, wollt awer Neel mat Käpp maachen, esou interpretéieren ech déi Optioun, dofir wollt se de Recteur zur Haaptfigur maachen. Dat sollt e Mann oder eng Fra gi mat engem direkten Drot zur Regierung.

De Recteur ass net nëmmen den Haaptchef, e kann och nach direkt en Departement ënnert sech hunn, iwwregens an domat d'Fakultéite kuerzschléissen. De Statsrot war dergéint enger eenzeger Persoun de ganze Pouvoir exécutif ze iwwerloossen. En huet dofir de Recteur duerch de Rektorat ersat, also eng Führungséquipe vum Recteur an zwee Vice-recteuren an den administrativen Direkter.

Dëst vereinfacht d'Saach net. Niewent de villen aneren Organer, déi et scho gëtt, kënnt dann elo awer nach en Organ dobäi. Zielt een dann nach de Regierungscommissaire dobäi, deen onser Meenung no ze wäit räichend Pouvoirë kritt, dann ass domat de Kär, deen de Pouvoir an der Uni huet, ëmschriwwen.

Deem géigeniwwer steet de Conseil universitaire, deen aus der Uni eraus kënnt. Dëse Contrepouvoir besteet aus 30 Leit, wouvunner der 21 gewielt ginn, am Géigesaz zu all deenen aneren, déi direkt vun der Regierung bezeechent ginn. Vun deenen 21 si sechs Professere vun de Fakultéiten. Déi wichtegst Leit vun der Uni sinn also an der Minoritéit, muss ee constatéieren. Mir begréisse selbstverständlech och d'Vertriedung vun de Studenten an deem Conseil.

Dëse Conseil universitaire huet an der Haaptsaach konsultativ Fonctiounen. E soll dat demokratescht Géigegewiicht zum Rektorat an zum Conseil de gouvernance sinn. Ech mengen e schwaacht Géigegewiicht. Dat ëmsou méi wéi de Recteur de Conseil universitaire presidéiert. Dee Recteur, deen de Chef hierarchique vun de Leit ass, déi am Conseil universitaire sëtzen. Wéi soll do, froen ech mech, eng offen a kritesch Diskussioun iwwert d'Gestioun vum Rektorat entstoen?

Ech mengen, et wier vill méi richteg, wann de President aus dem Conseil universitaire erausgewielt géif. Dësen Déséquiliber vun de Pouvoiren ass fir mech eng Haaptcharakteristik vun der Uni Lëtzebuerg. En erkläert de staarken Zentralismus, deen an dësem Gesetz vun der Struktur hier ass.

Iwwregens verschwënnt natierlech och den CNES, de Conseil national pour l'enseignement supérieur mat dem Gesetz vun 1996. Dësen onofhängege Gremium mat Spezialisten aus dem universitäre Beräich war der Regierung wuel ze ofhängeg. Ech weess et net. En ass iwwregens och bei de Viraarbechten zu dësem Gesetz ni ëm en Avis gefrot ginn, ech hat et scho gesot.

Eng praktesch Fro stellt sech an deem Zesummenhang: Den CNES war de Régulateur fir den Droit d'établissement vun neien Instituter am universitäre Beräich. Wien iwwerhëlt an Zukunft déi Fonctioun?

Mä zréck zum Zentralismus. De Conseil d'Etat huet deen Zentralismus nach verstäerkt. Wat huet de Conseil d'Etat nämlech gesot? De Conseil d'Etat huet jo offiziell eigentlech näischt gesot, oder net vill, mä en huet sech bei der Regierung gemellt - oder d'Regierung huet sech beim Conseil d'Etat gemellt, ech weess dat net -, mä herno war de Conseil d'Etat irritéiert, wéi mer a sengem Avis liesen. Op jidde Fall huet d'Regierung sech mam Conseil d'Etat getraff an de Conseil d'Etat huet d'Regierung drop opmierksam gemaach, dass senger Meenung no den ursprüngleche Projet net mat den Artikelen 23 a 36 vun der Verfassung compatibel wär. Dorobber huet d'Regierung den 18. Juni 2003 im vorauseilenden Gehorsam der Kommissioun en décke Koup Amendemente virgeluecht, déi d'Majoritéit vun der Kommissioun mat deemselwechte Gehorsam un de Statsrot weidergereecht huet.

Mir Sozialisten hunn dës Amendementen net matgedroen, well se d'Autonomie vun der Uni op eng drastesch Manéier aschränken. Wat den Artikel 36 ugeet, do ass jo ons institutionell Kommissioun amgaangen sech domat ze befaassen.

Ech wëll awer eppes zur Interpretatioun vum Conseil d'Etat iwwert deen Artikel 23 soen. Ech wëll virausschécken, dass ech mam Conseil d'Etat senger Interpretatioun net d'accord sinn. De Conseil d'Etat seet nämlech, dass alles wat mat Schoul ze dinn hätt iwwer Gesetz bestëmmt misst ginn an en zéit dat aus dem Paragraph 3 vum Artikel 23, ech zitéieren deen, eraus: «La loi détermine les moyens de subvenir à l'instruction publique ainsi que les conditions de surveillance par le Gouvernement et les communs. Elle règle pour le surplus tout ce qui est relatif à l'enseignement et prévoit selon les critères qu'elle détermine un système d'aide financière en faveur des élèves et étudiants.»

Da gëtt am Avis vum Conseil d'Etat, oder, neen, dat war net den Avis vum Conseil d'Etat, dat war deen Text, dee mer vun der Regierung kritt hunn, déi subtil Distinctioun gemaach zwëschent der pedagogescher Organisatioun an der administrativer Organisatioun vun der Uni.

Déi pedagogesch Organisatioun misst per Gesetz geschéien an déi aner net. Et ass fir d'éischt wou ech dat héieren an enger Schoulaffär. Et ass fir mech ëmsou méi erstaunlech wéi de Conseil d'Etat jo awer deen Artikel 23 net invoquéiert huet, wéi zum Beispill fir d'staatlech Finanzéierung eng Partie Privatschoulen unerkannt goufen, deenen hir pedagogesch Organisatioun eng komplett aner ass wéi déi, déi duerch d'Gesetz zu Lëtzebuerg bestëmmt gëtt. An dofir verlaangt dann de Conseil d'Etat, dass den Artikel 4 zum Beispill all déi Fächer opzielt, déi d'Uni eng Kéier kann offréieren. An da wonnert e sech, dass ee Fach vergiess gëtt. Dat sinn natierlech d'Problemer vun all Opzielung.

Da muss de Contrôle de connaissance iwwer e Règlement grand-ducal genee beschriwwe ginn. D'Departementer däerfen net Departementer heeschen, mä musse Sous-structure genannt ginn. D'Zuel vun de Centres interdisciplinaires gëtt dann op dräi festgeluecht an esou weider. Alles gëtt méi rigid, méi festgefuer. Fir mech eng Katastroph fir e Rahmegesetz, wat par essence flexibel fir déi zukünfteg Entwécklung muss sinn.

Une voix.- Très bien.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Natierlech ass d'Regierung dem Conseil d'Etat ausgeliwwert. Den Timing, deen se onbedéngt wëllt duerchzéien, nämlech am Joer 2003/2004 d'Uni op d'Schinnen ze setzen, erlaabt et der Regierung net sech géint de Conseil d'Etat duerchzesetzen. Domat ass d'Autonomie vun der Uni gestuerwen. Et gëtt eng staark zentraliséiert Struktur, an dat ass net ons Virstellung vun enger oppener kreativer, kritescher an innovativer Uni.

En aneren ongeléiste Problem ass d'Zesummespill vun der Fuerschung an der Formatioun op der Uni. D'Uni Lëtzebuerg wëllt laut Exposé des motifs eng spezialiséiert Uni sinn, déi Schoul a Fuerschung verbënnt a sech international duerch Héichleeschtunge positionéiere soll. Dobäi soll d'Fuerschung eng Prioritéit kréien an dann eréischt sollen d'Léierfächer bestëmmt ginn. Dat entbiert allerdéngs net enger gewëssener Blauäugegkeet, well déi éischt Jore vun enger Uni och meeschtens Grondwësse vermëttelen, dat net all gudde Broutdag duerch d'Fuerschung erneiert gëtt.

Natierlech féiert d'Fuerschung zur Innovatioun. Déi huet als Eegenheet och déi traditionell Kaderen ze sprengen, an dofir mussen d'Grenze vun de Fächer iwwert de Wee vun der Interdisziplinaritéit iwwerbréckt ginn. Och hei gëtt et eng Besonnechkeet am Gesetz. Den Artikel 16 definéiert déi Centren. De Statsrot limitéiert se op dräi, an den Exposé des motifs leet der schonn zwee ganz prezis fest, dovunner een iwwert d'europäesch Integratioun, d'Globalisatioun kënnt do dobäi, an nach en aneren. An deem Zesummenhang iwwregens kann een och nach d'Fro stelle wéi d'Regierung d'Zesummenaarbecht mat deenen aneren Instituter gesäit, déi och am Budget émargéieren, wéi zum Beispill den ENA-System, also den european navigator, an de Centre Robert Schuman, den Institut d'études internationales an esouguer zu engem gewëssenen Deel den CEPS/INSTEAD.

Et gëtt Fuerschungszellen zu Lëtzebuerg, an dat säit Joren. Bekanntlech gëtt et laut Gesetz vun 1987 Centres de recherche publics, och CRPe genannt, déi net vun dësem Gesetz beréiert ginn. Si bleiwe bestoen. Den Artikel 13 seet just d'Uni an d'CRPe géifen sech konzertéieren. Datselwecht gëllt fir den CEPS/INSTEAD. Dobäi kënnt och den CHL an den LNS. Zwee Vertrieder vun der Uni sollen am Conseil vum Fonds national de la recherche sëtzen.

Am Exposé des motifs kann een da liesen, dass d'Relatioune vun der Uni an den CRPen déi si vun deux structures extrêmement perméables l'une à l'autre. Mä dovunner ass net ganz vill am Gesetz ze fannen. Haut gëtt et jo schonns am CUNLUX Fuerschungszellen, ob dat fir Soziologie, Philologie, Geschicht, fir Ekonomie, Geographie, Biologie oder fir Mathematik ass. Déi bleiwe sécher bestoen a ginn och ausgebaut. Niewent dësen Etablissementer, déi ech zitéiert hunn, gëtt et Deeler vun der Verwaltung, wéi de Statec, wéi den LNS fir Medezin a Securité alimentaire, déi och mat Fuerschung ze dinn hunn.

Ech mengen, et wär un der Zäit, dass d'Regierung sech eng horizontal Innovatiounsstrategie géif gi fir déi verschidden Efforten, déi op ville Plänge geschéien, well ech mengen dës Strategie géif d'Innovatioun méiglech maachen a géif och déi verschidde Gebitter net als Rivalen, mä als e komplementar ukucken. Natierlech, d'Fro stellt sech, ob esou e fromme Wonsch duergeet fir Rivalitéiten an double emploi ze verhënneren. Et gëtt jo elo schonns Mouvementer an deem Milieu.

Den CRP Lippmann, deen un de CUNLUX rattachéiert ass, huet schonns eng Partie Chercheuren un d'Uni verluer. Et schéngt wéi wann den CRP Lippmann herno nach just déi technologesch Fuerschung behale géif. Den CRP Tudor an den CRP Lippmann, mengen ech, sollten op deem Plang zesummeschaffen. D'FEDIL iwwregens mécht do eng Partie interessant Suggestiounen, zum Beispill proposéiert d'Industrie e Centre de recherche des surfaces et revêtements, deen d'Kompetenze vum Laboratoire d'analyse des matériaux vum CRP Lippmann an och vum LTI vum CRP Tudor zesummefaasst an international Kontakter ophëlt, ouni natierlech de Kontakt mat de private Laboen zu Lëtzebuerg ze vergiessen.

De LIASIT, also d'Luxembourg international advanced studies of information technologies, ass eng interessant a wichteg Zesummenaarbecht vum Ministère, dem CUNLUX, dem IST an deenen zwee CRPen: Tudor a Lippmann. D'Gesetz verännert iwwregens och d'Situatioun vum CRP Tudor a vum CRP Lippmann. Den CRP Tudor sengersäits huet jo bis elo eng enk Relatioun mat dem IST gehat an déi verschwënnt jo elo, well den IST opgeet an d'Uni. Den CRP Lippmann war un de CUNLUX adosséiert a wann deen an d'Uni integréiert gëtt, dann huet och

deen CRP keng direkt Bezéiung méi zu enger Héichschoul.

Ech mengen, et däerf net sinn, dass iwwert de Wee vun der Uni de Problem vun den CRPen iwwert e kale Wee geléist gëtt, dat heescht duerch e luest Opgoe vun den CRPen an d'Uni. Ech mengen d'CRPe solle bestoe bleiwen. Et ass e gutt Instrument, mä d'Relatiounen zwëschent Uni an CRP musse kloer geregelt ginn. Dat geschitt net duerch dëst Gesetz, op jidde Fall einstweilen net.

Iwwregens, mengen ech, ass hei och nach d'Geleeënheet kuerz e Wuert iwwert d'Konditioune vun der Fuerschung hei zu Lëtzebuerg ze soen. Ech erënneren drun, dass ons Chamberkommissioun Ufanks 2001 véier Recherchesitë besichtigt huet: den CRP Tudor, den CRP Santé, den CRP Lippmann an de Laboratoire national de santé. D'Konklusiounen dovunner waren ongenügend Infrastrukturen, Problemer vu Statut a Finanzen, Personalproblemer, gesetzlech Problemer.

Et gëtt kee Statut vum Fuerscher. D'Aarbechtsbedingunge vum Fuerscher zu Lëtzebuerg sinn net attraktiv. D'Prozeduren, fir ausländnesch Fuerscher aus Drëttlänner e Permis de séjour ze ginn, si schwiereg. Et gëtt vill ënnerschiddlech Aarbechtskontrakter. D'Dauer vun den Aarbechtskontrakter ass beschränkt op Projeten, an dat heescht meeschtens dräi Joer, wat natierlech fir d'Fuerscher Précaritéit heescht. Esou laang och de Laboratoire national de santé eng Verwaltung a keen Etablissement public ass, ass d'Fuerschung do administrativ komplizéiert.

Och wat d'Raimlechkeeten ugeet, huet d'Kommissioun constatéiert, dass et vill Mängel gëtt. Am CRP Santé, am Centre hospitalier, sinn d'Laboen a Kelleren an a Gäng, se sinn ze enk an ze kleng. An och den CRP Lippmann hat deemools wéi mer kucke waren, vläicht ass et an der Zwëschenzäit besser ginn, ze kleng Raimlechkeeten, d'Immunologie vum Laboratoire national de santé ass a Containeren ënnerbruecht.

Ech hat och, dat wëll ech hei och nach soen, Madame Minister, de Gesondheetsminister den 20. Dezember 2000 an dëser Chamber gefrot, wéini dass fir den CRP Santé en neit Gebai bei de Centre hospitalier fir d'Recherche gebaut géif ginn. Deemools hat den Här Wagner mer versprach, dat kënnt 2003 bezuchsfäerdeg sinn. Ech hunn dovunner nach ëmmer näischt gesinn. Ech hunn emol nach kee Projet hei gesinn, esou dass ech...

***(Interruption)***

Jo, ech wollt dat soen.

Mä ech wollt awer rappeléieren, dass den Här Wagner mer 2000 versprach huet et géif 2003 bezuchsfäerdeg ginn an ech hunn elo gehéiert, an ech hunn dat och matkritt, dass dat also 2007/2008 géif an d'Rei goen an da géif bezuchsfäerdeg ginn. Ech wollt just nëmmen op déi verschidden Aussoe vun dem Här Wagner a vun der Bauteministesch hiweisen.

Här President, ech wëll hei keng Miesmacherei bedreiwen iwwert de Fuerschungssecteur zu Lëtzebuerg. Ech erkenne gären un, dass an den CRPen eng interessant Aarbecht gemaach gëtt, an dass de Fonds national pour la recherche scientifique eng gutt Aarbecht mécht, mä déi materiell Konditioune vun der Recherche an de Chercheurë sinn net ëmmer brillant a verdénge schnell verbessert ze ginn.

Här President, et gëtt och nach aner Problemer, déi ee kënnt hei évoquéieren, wéi deen zum Beispill vun der Villsproochegkeet, déi jo als Tromp vun der Uni ugepriese gëtt, wou menger Ansicht no nach keng Reflexioun driwwer gemaach ginn ass. Ech hoffe jo net, dass herno Englesch, wa mer Studente vu verschiddene Länner heihinner kréien, als Koinè wäert gebraucht ginn, well se sech net am Fransëischen oder am Däitschen oder an enger anerer Sprooch ausdrécke kënnen.

Och d'Problemer vum Accès zur Uni a vun dem Minerval sinn eigentlech nach net ugeschwat ginn an och nach net geléist.

Wuel huet misse Klorheet geschafe ginn, mä de Passage fir d'Professeren aus dem Secondaire eriwwer an de Supérieur, natierlech mat den néidege Qualifikatiounen an Diplomer, sollt méiglech bleiwen. Et ass eng wichteg Sortie no uewe fir d'Professeren, bedauerlech ass awer, dass bei der Operatioun vum Gesetz vun 1996 vill Professeren aus de Lycéeën, déi jorelaang am Centre Universitaire enseignéiert hunn, ouni Rücksicht op hir Experienz eliminéiert goufen.

Här President, ech hunn ufanks gesot, dass dëst fir mech dat wichtegst Gesetz vun der Legislatur ass oder jiddefalls ka ginn, dass et awer net dat bescht ass. Ech hunn dat a menger Ried ausféierlech beluecht. Déi excellent Avisë vun de Beruffschambere stelle méi Froe wéi d'Gesetz Äntwerten huet. Och dee gudden a wichtege Rapport complémentaire vun der Madame Stein, weist eng grouss Zuel vu Punkten op, déi an der Kommissioun opgeworf goufen an ni eng Äntwert fonnt hunn.

D'LSAP kritiséiert déi zentralistesch a staatlech dominéiert Verwaltungsstruktur vun der Uni, déi vill ongeléiste Problemer um Gebitt vun der Fuerschung, déi och duerch d'Uni net geléist wäerte ginn, d'Feele vun enger Strategie fir Fuerschung a Léieren zesummenzebréngen an insgesamt d'Feele vun enger Innovatiounsstrategie vun dëser Regierung, de Mangel vu klore Virgabe wéi zum Beispill d'Villsproochegkeet op der Uni funktionéiere soll, de Mangel u Flexibilitéit am Gesetz, deen duerch de Statsrot nach verschäerft gouf, an d'Hektik an den Duercherneen am Virfeld, d'Dunkelkammer an där dës Uni entstanen ass.

Dir verstitt, Här President, dass mer als Fraktioun an enger schwiereger Lag sinn. Bei esou engem wichtege Gesetz kann ee sech net enthalen. Et muss ee Faarf bekennen. Trotz onse ville Kriticke wäerte mer dëst Gesetz stëmmen, well et den Astieg an eng eegestänneg Uni zu Lëtzebuerg ass. Dëst ass fir Lëtzebuerg wesentlech. Et ass e virrangegt politescht Zil vun der LSAP zu Lëtzebuerg méi Leit, Jonken an Erwuessenen, Zougang zu Unisstudien ze ginn. Dofir hu mer déi zoustänneg Ministerin, ech wëll dat hei soen, vun Ufank u vun deem Prozess ënnerstëtzt, souguer, mengen ech, géint muncher vun hiren eegene Koalitiounskolleegen.

Mir behalen eis awer vir, an domat kommen ech zum Schluss, sollte mer erëm eng Kéier politesch d'Méiglechkeet dofir hunn a sollt d'Ausféierung déi Mängel vum Gesetz bestätegen, fir dëst Gesetz erëm op de Métier ze huelen, eng breet Debatt opgrond vun enger Bestandsopnam ze organiséieren an et da grondlegend ze reforméieren.

Här President, ech wollt nach fënnef Motiounen hei virleeën, déi am Zesummenhang mat deem sinn, wat ech ausgefouert hunn a wat d'Madame Delvaux nach wäert ausféieren.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant le projet de loi 5059 portant création de l'Université du Luxembourg;*

*- considérant le choix politique du Gouvernement pour une structure à trois facultés plutôt que pour une fédération d'établissements existants et à créer;*

*- considérant que dès sa publication au Mémorial ledit projet de loi abrogera la loi du 11 août 1996 portant réforme de l'enseignement supérieur, et abolira partant toutes les structures d'enseignement universitaire et supérieur existantes;*

*rappelant dans ce contexte que deux établissements publics (IST, CUNLUX) sont appelés à disparaître;*

*- considérant la nécessité absolue de garantir la transition sans heurts entre les structures existantes et celles à créer;*

*- considérant que la nouvelle équipe dirigeante, qui aura pour tâche d'élaborer le plan pluriannuel pour le démarrage de la nouvelle université en 2004 et de gérer les structures existantes appelées à disparaître, ne pourra pas être mise en place immédiatement après la publication de la loi;*

*invite le Gouvernement*

*- à informer la Chambre dans les meilleurs délais sur les mesures spécifiques prises pour assurer la transition entre les structures existantes et celles à créer;*

*- à mettre en place rapidement la nouvelle équipe dirigeante, sinon une équipe de transition;*

*- à clôturer de façon transparente l'activité des deux établissements publics en question.*

*(s.) Ben Fayot, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Georges Wohlfart.*

***Motion 3***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la loi de 1987 a organisé le secteur de la recherche au Luxembourg et que celle de 1999 a complété ces structures par le Fonds national de la recherche;*

*- considérant que le projet de loi 5059 abolit les institutions d'enseignement supérieur auxquelles s'adossaient le CRP Henri Tudor (IST) et le CRP Gabriel Lippmann (CUNLUX) depuis leur création par les règlements grand-ducaux respectifs du 31 juillet 1987;*

*- considérant la volonté affichée du Gouvernement de promouvoir la recherche-développement en tant que créneau économique et d'y consacrer 0,3% du PIB d'ici 2005;*

*- considérant que le potentiel de tout système de recherche repose sur l'ampleur des investissements consentis mais aussi sur une masse critique suffisante au niveau des chercheurs et des étudiants;*

*- considérant que l'approche retenue dans le projet de loi 5059 portant création de l'Université de Luxembourg comporte le risque réel d'une fragmentation de la recherche, voire l'apparition d'une concurrence dommageable entre les CRP et les secteurs de la recherche dans l'Université du Luxembourg;*

*invite le Gouvernement*

*- à préciser quelle sera la situation juridique des CRP Henri Tudor et Gabriel Lippmann après la mise en vigueur de la loi portant création de l'Université du Luxembourg;*

*- à clarifier le rôle de chacun des CRP en relation avec la future Université;*

*- à éviter de déstabiliser les acquis importants de la recherche et de l'innovation obtenus grâce à la loi de 1987, et*

*- à fédérer les instituts de recherche subventionnés par les deniers publics, autres que les CRP, dans une structure intégrée à l'Université du Luxembourg.*

*(s.) Ben Fayot, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Georges Wohlfart.*

***Motion 4***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le projet de loi 5059 crée trois facultés et trois centres interdisciplinaires;*

*- considérant qu'il est de l'intention du Gouvernement d'implanter les facultés à Luxembourg-Limpertsberg, à Walferdange ainsi qu'à Esch-Belval;*

*- considérant que le choix de trois sites différents comportera de nombreux désavantages, aussi bien d'un point de vue logistique que d'un point de vue académique, et qu'il entraînera des gaspillages de temps et d'argent;*

*- considérant que cette approche empêchera notamment de créer une grande bibliothèque universitaire de haut niveau;*

*- considérant que de nombreux services sociaux, culturels et techniques devront être répliqués à trois endroits différents;*

*- considérant que l'ouverture aux étudiants étrangers exigera la mise à disposition de nombreux logements, dont une résidence universitaire à implanter de préférence dans un milieu urbain;*

*- considérant enfin que toutes les possibilités pour le regroupement des trois futures facultés sur un site unique n'ont pas encore été épuisées;*

*invite le Gouvernement*

*- à engager les études pour réunir à terme sur un site universitaire unique les différentes structures universitaires, et notamment à explorer la disponibilité d'emplacements autres que les trois sites mentionnés ci-avant*

*et*

*- souhaite que l'on évite de ghettoïser le campus universitaire à créer et que le site unique à déterminer soit en contact étroit avec la vie urbaine et facile d'accès par le transport collectif.*

*(s.) Ben Fayot, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Georges Wohlfart.*

***Motion 5***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le projet de loi 5059 intégrera l'Institut Supérieur de Technologie dans la future Université du Luxembourg;*

*- considérant que le diplôme d'ingénieur industriel, dont la formation a été étendue à 4 années par la loi de 1996, sera ainsi aboli;*

*- considérant cependant l'intérêt de ce diplôme;*

*regrette la disparition du diplôme d'ingénieur industriel et*

*invite le Gouvernement*

*- à prévoir la possibilité, après l'obtention du bachelor d'engineering dans la filière professionnalisante (3 années), d'un prolongement des études (1 année) pour obtenir le diplôme d'ingénieur industriel.*

*(s.) Ben Fayot, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Georges Wohlfart.*

***Motion 6***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le projet de loi 5059 prévoit une formation des enseignants préscolaires et primaires de 180 ECTS au moins, ce qui correspond à trois années d'études;*

*- considérant la nécessité d'approfondir la formation des enseignants du préscolaire et du primaire, étant donné la complexité des situations psychologiques, sociales et culturelles auxquelles se trouvent confrontés les enseignants;*

*- considérant, comme indiqué dans l'exposé des motifs du projet de loi 5059, qu'une des caractéristiques des pays qui ont obtenu de bons résultats dans l'étude PISA est la formation universitaire de type long (240 à 300 crédits) des enseignants;*

*demande que la formation initiale des enseignants préscolaires et primaires soit portée à 240 ECTC, et qu'elle soit approfondie et adaptée aux besoins de l'enseignement;*

*insiste pour qu'une passerelle soit intégrée dans la faculté de pédagogie pour passer de la filière professionnalisante à la filière académique afin de permettre à ces enseignants de se spécialiser au niveau du diplôme de master et*

*demande au Ministère de l'Enseignement national de définir, dans les meilleurs délais, le profil des enseignants du préscolaire et du primaire.*

*(s.) Ben Fayot, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Georges Wohlfart.*

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marco Schroell agedroen. Den Här Schroell huet d'Wuert.

M. Marco Schroell *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, haut ass e ganz groussen Dag, jo, en historeschen Dag fir de Législateur hei zu Lëtzebuerg: Mir grënnen d'Uni Lëtzebuerg.

No engem Jorhonnert alen Débat iwwert de Pro an de Contra ass et elo am Ufank vum 21. Jorhonnert endlech esou wäit. Lëtzebuerg als eng europäesch Haaptstad, Lëtzebuerg als Finanzzentrum, Lëtzebuerg als industriell an audiovisuell Héichbuerg, Lëtzebuerg mat senger geokultureller Situatioun tëschent dem francophonen a germanophonen Europa, Lëtzebuerg als Zentrum vun der Groussregioun, Lëtzebuerg kann einfach net méi ouni Universitéit auskommen. Dofir ginn et vill Ursaachen awer och Opportunitéiten, déi dës Regierung erkannt huet, a si huet zesumme mat enger, mengen ech, ganz aktiver Chamberskommissioun dëse Projet de loi preparéiert.

Ganz besonnesch muss ech d'Madame Nelly Stein als Presidentin vun der Kommissioun an als Rapportrice vum Projet de loi félicitéiere fir hir fachkundig a konvivial Leedung vun de Kommissiounsdebatten a fir hir excellent Rapporten, ouni dobäi d'Kompetenz vun de Mataarbechter aus dem Ministère, dem Här Dondelinger an der Madame Faber, an och d'Opgeschloossenheet vun der Madame Minister Erna Hennicot-Schoepges ze vergiessen.

D'Opportunitéite fir d'Grënnung vun der Uni Lëtzebuerg leien op der Hand. Si gi vun de Beruffskummeren a vum Conseil d'Etat ënnerschiddlech mä ouni Ausnahm positiv ervirbruecht. Do gëtt emol ënnerstrach, dass d'öffentlecht Erziehungswiesen zu Lëtzebuerg an enger Kris steet, esou wéi d'PISA-Etüd dat gewisen huet. Elo kann ee soen, PISA huet näischt mat der Uni Lëtzebuerg ze doen, an dach. Eisem Erziehungswiesen, huet et ni u Moyene gefeelt, mä éischter un innovative Konzepter, un Iddien, dofir d'Noutwendegkeet vun der Bildungsoffensiv.

Eng Universitéit zu Lëtzebuerg kënnt dem socio-pedagogesche Milieu hei am Land eng Bouffée d'oxygène bidden. Eng Uni zu Lëtzebuerg am Zentrum vum educative Réseau ka sech nëmme positiv auswierken, zum Beispill an der Entwécklung vun neie pedagogesche Konzepter. Ech mengen d'Uni Lëtzebuerg wäert an der Zukunft eng grouss Roll an eisem Erziehungswiesen ze spille kréien.

Här President, wat d'Héichschoulwiesen ubelaangt, war Lëtzebuerg bis elo net souverän. Seng Kaderen an d'Elitë mussen zënter ëmmer an d'Ausland studéiere goen, an op där anerer Säit muss d'Lëtzebuerger Ekonomie och Universitairen aus dem Ausland eranhuelen. Mir ginn dowéinst oft dat Bild vun engem parasitäre Stat of, dee vun de Rendite vu friemem Kapital liewe géif, an dee seng Kompetenzen aus dem Ausland importéiert. Et kann een natierlech soen, dat wär gutt esou, dat wär jo bis elo ëmmer gutt gaangen, kommt mir fueren esou weider.

Éischtens ass et vill méi bëlleg. Zweetens profitéiere mer jo vun deem multikulturellen Input aus dem Ausland, an drëttens gi mer och net mat engem PISA-Debakelrisiko op Héichschoulniveau konfrontéiert. Mir mengen awer, dass dat haut net méi de Fall ka sinn, net nëmme wat dee rengen Aspect enseignement ubelaangt, mä och aus gesellschaftspoliteschen Ursaachen.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Här President, mir liewen an enger Gesellschaft, wou d'Wëssen e steigend gréissere Stellewäert kritt, wou d'Medien an d'Kommunikatioun grouss geschriwwe ginn, eng Gesellschaft, déi de Savoir ëmmer méi als Basis huet, ouni natierlech de Savoir-faire an de Savoir-être ze négligéieren, zwou Tugenden, déi indirekt och vun enger Universitéit gefördert ginn.

Eng Universitéit ass dofir do, fir bei senge Studenten d'Kapassitéite vun der Kreatioun, der Inventioun, der Innovatioun, der Autonomie an der Responsabilitéit ze développéieren, iwwregens alles fundamental liberal Wäerter.

Gesellschaftspolitesch gesinn ech och e positive kulturellen, sozialen an ekonomeschen Apport vun de Studenten an den Enseignantë fir eist Land. Och d'Formation continue, de lifelong learning, mat deenen de Bierger e Liewe laang säi Wëssen um héchsten Niveau hält, gëtt duerch eng Universitéit doheem favoriséiert oder souguer eréischt erméiglecht, grad esou wéi eng Université du troisième âge, déi wichteg ass an engem Land, wou d'Majoritéit vun de Bierger mat 55 Joer an d'Pensioun geet.

Déi interdisziplinär Fuerschung iwwer eist Land, iwwer eis national Identitéit oder iwwert d'Problemer vun der Integratioun gi méiglech. Nei Léisungen zu alldeegleche Problemer kënne proposéiert ginn.

Här President, niewent dem intellektuellen Défi stellt d'Uni Lëtzebuerg och eng materiell Erausfuerderung duer, well och eiser Wirtschaft kënnt eng Universitéit zegutt. Virun deene limitéierte Lëtzebuerger natierlechen territorialen an demographesche Ressourcë muss eis Ekonomie sech an d'Richtung vun industrieller Produktioun a Serviceleeschtunge mat vill Innovatiounsgeescht bewegen, fir sech an der Zukunft am Kader vun der Globalisatioun vun de Mäert géigeniwwer enger nach méi staarker Konkurrenz kënnen ze behaapten.

Eng enk Kollaboratioun tëschent der Universitéit an den Entreprisë kann nëmmen déi technologesch Innovatioun begënschtegen. D'Presenz vu Fuerschungs- a Léierinfrastrukture ass oft entscheedend bei engem ekonomeschen Invest. Eis nach ëmmer zimlech monolithesch Wirtschaft war baséiert fréier op d'Landwirtschaft, duerno op d'Sidérurgie an elo ass se baséiert op eng Souveränitéitsnischepolitik am Finanzsecteur. Mat der Kreatioun vun der Uni Lëtzebuerg anticipéiere mer eigentlech déi ekonomesch an déi sozial Entwécklung vum Land, well an Zukunft wäert d'Wäertschöpfung vermehrt do entstoen, wou de Capital humain valoriséiert gëtt.

D'Universitéit ass dofir do, selwer Talenter ervirzebréngen, déi einheimesch intellektuell Eliten am Land ze halen a friem Kapassitéiten unzezéien. Si ass dofir do, nei Créneauen ze entwéckelen, am industriellen an am Serviceberäich. Si ass dofir do, nei Kompetenzen am Land ze entwéckelen, am Beräich vun der Wëssenschaft, der Kultur, dem Recht, de Finanzen an esou weider.

Eng interessant Perspektiv ass den Domän vun der Formatioun, deen als Serviceleeschtung och kann exportéiert ginn. An Amerika zum Beispill kënnt den Domän vun der Wëssensvermëttlung, also de Schoulbetrib am breede Sënn a véierter Positioun wat d'Exportatiounen ubelaangt.

Här President, d'Universitéit Lëtzebuerg soll et och fäerdeg brénge fir eisem Land seng Plaz am Zentrum vun der Groussregioun ze confirméieren, duerch eng ganz positiv Image de marque, an op déi Aart a Weis de Site Lëtzebuerg ze valoriséieren. Wéinst dem Transfert vum Pouvoir op eng supranational Ebene spillen an der Europäescher Unioun d'Regiounen ëmmer méi eng grouss Roll. Lëtzebuerg huet d'Ambitioun e Leadership a senger Groussregioun ze spillen. En unerkannte Pôle universitaire zu Lëtzebuerg kann um internationalen Niveau e kulturellen, sozialen an ekonomeschen Apport bréngen, am Sënn vun engem nohaltege Standortvirdeel.

Här President, historesch gesi géif ech d'Joer 1987 ervirsträichen, als den Ufank vun der Entwécklung a Richtung Uni Lëtzebuerg. 1987 ass fir d'éischt an déi öffentlech Fuerschung investéiert ginn, duerch d'Kreatioun vun de Centres de recherche publics. Zwee Joer no dem CRP Henri Tudor, dem CRP Gabriel Lippmann an dem CRP Santé gouf op enger ähnlecher Basis den CEPS/INSTEAD gegrënnt, mat der Aufgab demographesch a sozioökonomesch Studien ze maachen. Duerno 1996 ass en éischt Héichschoulkadergesetz votéiert ginn, mat deem d'Missioun vum Enseignement supérieur definéiert gouf. Nieft dem CUNLUX sinn den IST, den ISERP an den IEES autoriséiert ginn, fir en öffentlechen Enseignement supérieur ze dispenséieren. 1999 koum et dunn zur Kreatioun vum Fonds national de la recherche.

Zënter 1999 gëtt et och e Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche zu Lëtzebuerg. Dat kuerzfristegt Zil vun dëser Regierung ass et 0,3% vum PIB an d'öffentlech Fuerschung ze investéieren. Bis 2010 sollen insgesamt 3% vum PIB an d'Recherche et développement investéiert ginn, dovun en Drëttel vun der öffentlecher Hand.

D'Success story vun den CRP-Instituter gëtt och doduerch illustréiert, datt si allen dräi nei Gebailechkeete kréien. D'CRPen an déi zukünfteg Uni Lëtzebuerg, mat hire ganz perméable Strukturen, sollen sech géigesäiteg befruchten, um Niveau vun de Programmer an am Echange vun den Enseignanten an de Fuerscher.

Här President, op international europäescher Ebene huet sech och esou munches gedoen. De Conseil vu Lisbonne am Mäerz 2000 huet d'Strategie fir d'Realisatioun bis 2010 vun engem Europa „fondé sur la connaissance" definéiert. D'Objektiv dat sech d'Europäesch Unioun deemools gesat huet, ass net geréng, ech zitéieren: „Devenir l'économie de la connaissance la plus compétitive et la plus dynamique du monde". D'Haaptpilieren, op deenen dësen ambitiéise Projet berout, sinn d'Recherche, d'Innovatioun, d'Formatioun an natierlech d'Educatioun. Et schéngt mer kloer, datt d'Universitéiten hei eng Schlësselroll spillen.

D'Deklaratioun vun der Sorbonne vum Mee 1998 insistéiert op d'Noutwendegkeet, en Espace européen de l'enseignement supérieur ze kreéieren an esou déi kulturell an intellektuell Dimensioun méi an d'europäesch Integratioun anzebannen. Dës Approche, en vue vun enger Homogénéisatioun vum europäeschen Uniswiesen, gouf dat Joer drop am Juni 1999 fortgefouert, mat der Déclaration commune vu Bologna, mam Zil eng besser Compatibilitéit a Comparabilitéit vun den Unissystemer an Europa ze schafen.

D'Lëtzebuerger Regierung ass doropshin op de Wee gaange fir eng Université du Luxembourg ze kreéieren, obschonns dës Iddi net am Koalitiounsofkommes vun 1999 festgeluecht war. Si huet virgeschloen, eng modern, spezialiséiert, qualitativ héichwäerteg an international orientéiert Universitéit ze kreéieren. Dës Universitéit muss selbstverständlech baséieren op d'Fuerschung an d'Léier. Si soll de Lëtzebuerger Kontext, déi gesellschaftlech an ekonomesch Besoinë vun eisem Land an eis Méisproochegkeet berücksichtegen, oder sech dorop baséieren, awer och d'Mobilitéit vun de Studenten grad esou wéi déi vun den Enseignanten an net zulescht den europäeschen an internationale Kontext berücksichtegen.

Domat wär de Kader vun der Uni Lëtzebuerg gesat, an déi éischt Fro, déi sech gestallt huet, war déi vun der Integratioun vun deenen existenten Héichschoulstrukturen, déi eng méi oder wéineger laang Traditioun an der Ausbildung vun den Ingénieurs industriels, vun de Schoulmeeschteren, vun den Educateurs gradués hunn. Trotz dem Bedenke vu ville Säiten, ass d'Optioun zréckbehale ginn, dës Fachhéichschoulen integral an d'Uni Lëtzebuerg ze integréieren.

E Corollaire vun dëser Décisioun war och, datt d'Uni Lëtzebuerg op dräi verschidde Sitë soll etabléiert ginn, mat jee enger Fakultéit. Eng Finanz-, Rechts- a Wirtschaftsfakultéit, eng Fakultéit vun den Erziehungswëssenschaften an eng Fakultéit fir Wirtschaft, Technologie a Kommunikatioun. Och dës Décisioun vum Eparpillement ass contestéiert a villersäits wär e Site unique, zum Beispill op der Industriebrooch Esch-Belval, virgezu ginn.

D'Struktur vum Enseignement an hir Diplomer baséieren op de Processus de Bologne. D'Organisatioun vun der Uni a seng Gestioun ginn an dësem Gesetz, wat eng Loi-cadre duerstellt, definéiert. Mäi Fraktiounskolleeg Alexandre Krieps wäert dëse Konzept nach méi genee kommentéieren.

Déi kollateral Effekter vun enger Uni wéi d'Wunnen, den Transport vun de Studenten an den Enseignanten, hir Mobilitéit an hiert Zesummeliewe mat der einheimescher Bevölkerung wäerte vu mengem Fraktiounskolleeg Xavier Bettel nach méi am Fong diskutéiert ginn.

Här President, e lescht Wuert mengersäits iwwert d'Finanzéierung vun der Uni Lëtzebuerg. Eng Fiche financière zu dësem Zäitpunkt kann net prezis sinn. Si gëtt awer interessant Zifferen, woubäi ech eng eenzeg wëll nennen. Dëst Joer gi ronn 0,5% vum Statsbudget ausginn, fir déi etabléiert Héichschoulinstituter, dat si ronn 34 Milliounen Euro. Bis 2010, dat heescht a siwe Joer, mat der Uni Lëtzebuerg, sollen d'Moyenë fir den Enseignement supérieur par rapport zu haut verduebelt ginn.

Här President, d'DP-Fraktioun wäert dësem historesche Projet de loi zoustëmmen. Mir triede prinzipiell fir d'Schafe vun enger Uni hei am Land an, 915 Joer no der éischter Universitéit iwwerhaapt, där vu Bologna, 829 Joer no där vu Paräis a 794 no Cambridge. D'Zukunft wäert weisen, wat an dëser Loi-cadre gutt ass a wat muss duerch eng Gesetzesännerung verbessert ginn.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schroell. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fernand Greisen. Här Greisen, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Greisen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt och vun eiser Säit e Merci un all déi, déi un dësem Projet matgeschafft hunn. E besonnesche Merci fir d'Beamten aus dem zoustännege Ministère an aus der Chamber, déi hei eng enorm Aarbecht geleescht hunn.

Meng Interventioun wëll ech an e puer Kapitel opdeelen. Am éischten Deel wëll ech Positioun bezéien zur Fro, ob eist Land eng Uni braucht a wéi eng Uni dat sollt sinn. Am zweete Kapitel wäert ech drop agoen, wou dës Uni sech am europäeschen Héichschoulsystem entspriechend dem System vu Bologna vun 1999 erëmfënnt. En drëtten Deel befaasst sech mat der Prozedur, wéi un dësem Projet geschafft ginn ass. E véierten Deel mam Avis vum Statsrot. E fënneften Deel mat der Struktur, déi d'Regierung an hirem Projet virgesinn huet. E sechsten Deel dann zum Prinzip vun der Mobilitéit, an zum Schluss wëll ech nach kuerz zur Recherche, zum IST an zum Käschtepunkt schwätzen.

Dir Dammen an Dir Hären, déi speziell Situatioun vu Lëtzebuerg op ville Gebidder: Geschicht, Sprooch, Kultur, am Enseignement, am Droit, an der Ekonomie an esou weider, werft berechtegt Froen op. Braucht eist Land eng Uni? Och wann d'Fro net nei ass, sinn souzesoen all d'Argumenter, dofir an dogéint, vun de spezialiséierten a betraffene Kreesser an der Öffentlechkeet ausgebreet ginn.

1996 huet den ADR déi iwwerfälleg Reform vum Héichschoulgesetz an der Chamber matgestëmmt. Et war dëst en éischte Schrëtt an eng Richtung fir zu Lëtzebuerg en Héichschoulsystem am europäesche Raum eranzepassen. D'Aussoe vum ADR bei där Geleeënheet kéint ech an dësem Zesummenhang hei nach eng Kéier ervirbréngen.

Schonn deemools huet den ADR op d'Noutwendegkeet vun enger weiderer Upassung vun dësem Gesetz higewisen. 1997 huet den ADR zur Institutioun Uni Lëtzebuerg folgend Aussoe gemaach: „Wann ee berücksichtegt, dass eng richteg Uni mat dräi Cyclë vun héijerem Unterrecht mat Labo, Bibliothéik a villen aneren Infrastrukture fir Formatioun a Forschung e komplette Fächer vu Branchë misst offréieren, ugefaange vun enger Fakultéit Philosophie et lettres iwwer Medezin, Sciences naturelles, Droit, Ekonomie an aner Instituter fir Ingénierie, da bedeit d'Schafe vun esou enger Uni eng enorm Investitioun, déi eis Mëttel bei wäitem iwwerschreit. Dobäi ass eist Land vu gudden Unien ëmginn, esou dass selbstverständlech eng Lëtzebuerger Uni op d'mannst déiselwecht Qualitéit am Enseignement an an der Recherche bidde misst. Et ass also illusoresch ze behaapten, mir kënnten esou en Effort fäerdeg bréngen an alle Sparten, déi noutwendeg sinn, fir zu enger respektéierter international unerkannter Uni ze gehéieren."

Domat wollte mir deemools net gesot hunn, dass Lëtzebuerg all Ambitiounen an deem Domän opgi sollt. Am Géigendeel. Weiderhi musse mir d'Formatioun an d'Recherche a verschiddene Fächer förderen duerch Weiderentwécklung vun den éischten an drëtten Cyclen am Kader vun de bestehenden Instituter. An enker Zesummenaarbecht mat auslänneschen Unie ka Lëtzebuerg sech eng zolidd Réputatioun opbauen an ausgewielte Secteuren, déi senger Ekonomie ugepasst sinn.

Weider hu mir deemools festgehalen, mir hunn all Intérêt, dass d'Jugend hiren Know-how aus de verschiddensten auslänneschen Héichschoulsystemer an d'Land bréngt. Dëst ass e Räichtum op dee mir net däerfe verzichten.

Donieft sollen d'Instituter am Land genuch Konventioune mat den auslänneschen Autoritéiten ofmaachen, an domat de Lëtzebuerger Studenten eng fräi Wiel bäi den internationalen Unie garantéieren. Haut stelle mer fest, dass d'Aussoe richteg waren a vun alle Säiten esou oder ähnlech gedroe ginn.

D'FEDIL seet dozou dat hei, ech zitéieren : «Il existe certes des arguments forts qui plaident contre pareil établissement», domat ass d'Uni Lëtzebuerg gemengt, «dans le contexte d'un pays de la taille du Luxembourg. D'un autre côté, une série d'arguments tout à fait valables sont invoqués pour justifier dans notre contexte économique et sociétal, la création d'une université dans des domaines d'enseignement et de recherche bien ciblés au Luxembourg».

Dir Dammen an Dir Hären, mir mengen et wär iwwerhieflech ze behaapten, mir wären an der Lag also eng komplett Uni opzebauen. Et kann ee feststellen, dass eleng de Käschtepunkt fir déi noutwendeg Investitiounen eis finanziell Mëttel bei wäitem iwwerschreide géifen. Trotzdeem si mer der Meenung, dat widderhuele mer, dass elo scho verschidde Leeschtungen a Kapassitéiten aus Wëssenschaft an Ekonomie eis berechtegt Ambitiounen erlaben, fir a spezifeschen Deelberäicher un héchst international Usprëch erunzekommen.

Net zulescht leie Virdeeler an der Beräicherung, déi esou wéi bis elo d'Absolventen an de villfältegsten Héichschoulsystemer an aller Welt mat hire verschiddene Sproochen a Kulture fir eist Land duerstellen. Awer den Zougang zu de beschten Héichschoulen an allen Deeler vun der Welt muss fir eis Jugend weiderhin ausgebaut a gefördert ginn. D'Virbereedung dozou muss an eisem nationale Schoul- an Héichschoulsystem geschafen a verbessert ginn, fir dass déi jonk Leit och mat Erfolleg bestoe kënnen.

De Projet vun der Regierung, deen den allgemenge rechtleche Kader festleet fir eng Uni zu Lëtzebuerg, léisst ze vill Froen op. Entscheedend fir d'Réussite vun dëser Entreprise, déi fir eist Land séier wichteg, awer séier gewot ass, sinn déi sëllechen nach onbekannten Ausféierungsbestëmmungen. Entscheedend ass d'Auswiel vun de führende Perséinlechkeeten, Enseignanten a Chercheuren, besonnesch am Rektorat an an de Conseilen. Entscheedend wäert och d'Standfestegkeet vun de Politiker bleiwen, wann et gëllt duerchzehalen a sech ongerechtwäertegte Fuerderunge vu Stammesorganisatiounen a politesche Günstlingen ze widdersetzen, am Intérêt vun der Allgemengheet. Well nëmme wann déi strikt Regelen an Auswahlkritäre fir Mataarbechter an Direktioun, Enseignanten an esou weider agehale ginn, kann den erfuerderlechen internationalen Niveau erreecht an agehale ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, an deem Zesummenhang muss een op déi europäesch Entwécklung am Beräich vun den Héichschoulsystemer zréckkommen. D'Realisatioun vun de wichtegsten Objektiver vun den europäeschen Educatiounsministeren ass fir d'Joer 2010 virgesinn. Et geet ëm d'Schafe vun engem europäesche Raum fir héijer Studien, fir d'Kooperatioun tëschent den Héichschoulinstituter an Europa ze förderen. Mam Zil gemeinsam Strukturen an déi europäesch Héichschoulsystemer eranzekréien, hu mëttlerweil vill Länner, 33 oder 29, hunn ech hei héieren, 1999 am Kader vum sou genannte Bologna-Prozess eng Rei vu gemeinsamen Objektiver ënnerschriwwen.

D'Mobilitéit vun de Studenten an den Enseignanten, grad esou wéi d'Unerkennung vun de Graden an d'Qualitéit vun de Studieprogrammer sollen domat verbessert ginn. Weiderhin ass geplangt eng gemeinsam Struktur baséiert op zwee Haaptcyclen an e System vu Studientransfertkreditter anzeféieren. Dëse leschtgenannte System, en ass hei schonn erkläert ginn, the European Credit Transfer System, ass e Wee fir d'Léiererfolleger ze moossen an ze vergläichen a fir se vun engem Institut an dat anert ze transféréieren. Et soll domat e wierksaamt Instrument liwweren, fir akademesch Unerkennung ze er-

liichteren an eng europawäit Mobilitéit ze ënnerstëtzen.

En zousätzlecht wichtegt Element fir d'Qualitéit am Héichschoulunterrecht ze garantéieren ass virgesi mat der Evaluatioun vu baussen a vu banne vum System, mat dem Vergläiche vu Studieninhalter, Grader a Programmer. D'Struktur vun de Cyclen awer bedeit fir eist Land eng Erausfuerderung. De Projet vun der Regierung awer fënnt keng fäerdeg Léisung dozou. Nom europäesche System soll den éischten Niveau mam Bachelor ofgeschloss ginn no dräi oder véier Joer. An den zweeten Zyklus mam Ofschloss Master kann een nëmme kommen nom positiven Ofschloss vun deem éischten. Dësen zweeten Zyklus ass mat fënnef Joer déi eenzeg Studiendauer, déi net kontestéiert gëtt vun de Länner aus dem europäesche Raum. En drëtten Niveau gëtt dann nach fir den Doktorat festgeluecht bei aacht Joer.

Verschidde Länner wëlle beim System véier plus eent bleiwen, dat gëtt der dann och fënnef. Anerer si bei véier plus zwee an esou weider. An Däitschland gesinn se eng sou genannte Regelstudienzäit vu fënnef Joer mam Ofschloss Master vir, mä dobäi gëtt en Opbau vun zwee Cyclen akzeptéiert, dee bäi dräi plus zwee oder bäi véier plus engem Joer läit. Et kann de Moment nach kee soen, wat sech duerchsetzt, an ob sech iwwerhaapt en eenheetleche System duerchsetzt.

Wéi et bei eis funktionéiert, mat zwee plus zwee Joer mindestens, dat passt net an deen neie System vun dräi Joer Bachelor an zwee Joer Master nom Bologna-Prozess eran. Do hëlleft deen neie Credit Transfer System mat Transfertskreditter och net weider. D'Regierung gesäit vir, dass deen éischten Zyklus mam neien Ofschloss Bachelor mat Studiemoduler vun 180 bis 240 Unitéiten net manner wéi dräi Joer Studiendauer soll hunn.

***(Interruption)***

Den Zougang zum héijere Statsdéngscht huet bei eis eng Barrière vu véier ofgeschlossenen Unijoren als ënnescht Limite. Fir dës Zougangsbedingungen haut ze erfëllen, schreiwen d'Bachelore sech fir een zousätzlecht Joer beim Centre universitaire an, krute mer gesot. De Projet definéiert d'Studien also net méi an Termë vu Joren, mä schwätzt vun Efforten, déi ee muss gemaach hunn, fir eng bestëmmte Formatioun ze erreechen a vu Graden, déi mam Ofschloss vun deene Formatioune verdeelt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domadder ass de Kader situéiert an deem dësen neie Projet sech misst erëmfannen. Ech kommen elo zur Aart a Weis wéi un dësem Projet geschafft gouf.

Et ass, mat Ausnahm vum Här Ben Fayot, esouvill hei gelueft gi wéi d'Aarbecht an der Kommissioun an an der Regierung gemaach ginn ass, an d'Regierung ass och gelueft gi fir hiert Entgéintkomme géigeniwwer den Deputéierten hiren Ännerungswënsch.

***(Interruption)***

Mat Ausnahm vum Här Fayot, dat hunn ech dach däitlech gesot.

Ech wollt dofir soen, dass een d'Euphorie awer net sollt iwwerdreiwen. D'Wierklechkeet ass anescht, an den Här Ben Fayot huet se besser duergestallt wéi ech dat kann.

D'Regierung huet e Projet virgeluecht an hir Iddi duerchgesat, ouni aner Iddien iwwerhaapt zouzeloossen. Dat beweist net zulescht den Avis vum Statsrot, op deen ech nach zréckkomme wäert, wann e schreift: «Plusieurs autres solutions auraient été envisageables pour faire évoluer les structures existantes.» De Statsrot nennt och als Beispill e puer Varianten. Déi bestoend Strukturen hätt ee kënne weiderentwéckelen, zousätzlech Fächer afëieren, verschidde Formatioune jee no Bedarf verlängeren oder weiderhin ausschliesslech Formatioune vum éischte Cycle, deen ee mat zwee oder dräi Joer soll ubidden, maachen.

Et hätt een och kënne mat eisen Noperen ufänken eng grouss international oder eng Saar-Lor-Lux-Uni opzeriichten. An et hätt ee kënnen, firwat net, eng kleng spezialiséiert Uni mat héich qualifizéierter Recherche upeilen. Net zulescht beweist d'Proposition de loi vum Här Garcia, dass et nach weider gutt Iddien an deem Beräich gëtt.

Här President, d'Realitéit wéi an der Kommissioun geschafft ginn ass an esou wéi d'Majoritéit dat ze veräntwerten huet, ass ze vergläiche mat engem Feld wou ronderëm en elektreschen Drot ass. Soubal iergendeen ze no un den Drot erukënnt, ginn d'Alarmer un. Bannen ass fräie Spillraum, ronderëm Barrièren an de Fräiraum ass kloer begrenzt. D'Virlag zum Gesetz vum leschte Joer vun der Regierung selwer liwwert dozou genuch Argumenter. Beispill d'Centres de recherche. Si bleiwe separat nom Gesetz, wat elo nach a Kraaft ass. Beispill Verdeelung vun de Gebaier uechtert d'Land. De Statsrot freet och do: Firwat net ee Site? Beispill Strukturen, wéi den Här Ben Fayot se hei erkläert huet. Beispill Mobilitéit. Op dës Punkte kommen ech nach zréck.

Verschidde vun dësen Theme si wuel an de Kommissiounssëtzungen ugeschwat ginn, mä vun der Majoritéit direkt iwwergaange ginn. Vum Dezember d'lescht Joer u bis an de Mee dëst Joer huet et geheescht, nun amëséiert Iech emol schéi mat Klengegkeeten an Textverbesserungen, mä bleift op der Linn vun der Regierung, alles aneschters kréie mer net duerch, géint de Widderstand vun Interesséierten.

Här President, d'Realitéit wéi an der Kommissioun geschafft ginn ass, esou wéi d'Majoritéit dat also ze veräntwerten huet, weist sech an zwee verschiddene Berichter an eleng schonn an der Tatsaach, dass der zwee produzéiert gi sinn. Kee vun de Rapporten hunn ech matgestëmmt.

Am éischte Bericht fanne mer eng ganz gutt Aarbecht erëm mat enger Beschreiwung vum Zil, dem Zweck an dem Wonsch vun der Regierung fir eng Uni Lëtzebuerg, mä do feelt all Ausso iwwer Varianten, aner Méiglechkeeten, aner Virschléi, an och keng vun den Deputéierten aus der Kommissioun.

Am zweeten zousätzleche Bericht steet dann, dass verschidde Membere vun der Kommissioun villes ugefrot hunn a se och ëmmer Äntwerte kritt hu vun der Ministerin oder hire Beamten, mä ouni dass doduerch iergendeppes ugeholl oder geännert gouf.

An deem zweete Bericht gëtt dann och geschwat vun deene 55 éischten Amendementer, déi d'Kommissioun gemaach hätt, mä et gëtt net gesot, dass et haaptsächlech Klengegkeete waren, déi geännert goufen, an dofir och vun der Regierung ugeholl goufen.

Et steet weider net dran, dass déi zweet Serie vun Amendementer op Drock vum Statsrot oder vun der Regierung gemaach gouf, an nëmme vun de Majoritéitsdeputéierte gedroen ass.

Och déi onverantwortlech Zäitnout, deen Drock mat deem dëse wichtege Projet zum Schluss vun der Regierung duerchgedréckt ginn ass, ass net ze vertrieden. Zweemol hu mir bal iwwer Nuecht Amendementer vun der Regierung, Avisë vum Statsrot, Rapportë vun der Kommissioun duerchkämmen an den Dag drop Positioun dozou bezéie mussen. D'Verhalensweis vun der Regierung, wéi alles ofgelaf ass, gesäit esou aus wéi wann dës Regierung alles gemaach hätt, fir der Oppositioun a vläicht och den eegenen Deputéierten d'Freed un dësem Projet ze versaueren. An dat ass schued, well d'Héichschoulwiesen zu Lëtzebuerg hätt Besseres verdéngt.

Mir gleewen der Madame Minister, wa si seet, wann ech dëse Projet elo virun der Vakanz net duerchkréien, da kréien ech e guer net duerch. Mä dës Ausso vun der Madame Minister ass kee Grond an deem Tempo ze verfueren, wéi dat hei geschitt ass. Et ass just de Beweis, dass d'Regierung hir Majoritéit net ënner Kontroll huet, an dass dëse Projet och net an hirer Majoritéit onwiddersprach ass. Mä wéi ëmmer wäert jo och hei kee Fraktiounszwang bestoen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum 18. Juni, deen hei schonn ugeschwat ginn ass. Mir sinn do stënterlech zu enger aussergewéinlecher Kommissiounssitzung zesummegeruff ginn, fir iwwer eng Rei vun Amendementer vun der Regierung ze befannen. Dobäi hate mer jo awer am Mee eréischt eng éischt Serie vun Ännerungen, déi zesumme mat der Regierung festgehale goufen, a vun deenen ech scho geschwat hunn, un de Statsrot geschéckt.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Wat hätt Dir da besser gemaach? Dir hutt an der Kommissioun ni eppes gesot.

M. Fernand Greisen *(ADR)*.- Här Bettel, dat stëmmt net. A wann Der nogelauschtert hätt, dann hätt Der ganz gutt héieren, wat d'Iddië vum ADR sinn.

***(Interruption)***

Här Bettel, ech kéint och emol eng Kéier soen, dass Der just an d'Kommissioun erakommt, eng Zigarett ufänkt, ënnerschreift an erëm gitt.

***(Interruption)***

Ech war ëmmer do.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 18. Juni si mer stënterlech zu enger aussergewéinlecher Kommissiounssëtzung zesummegeruff gi fir iwwert eng Rei vun Amendementer vun der Regierung ze befannen. An ech hu gesot, mir hate jo eréischt virdrun eng éischt Serie Amendementer festgehalen.

Déi Ënnerlagen dozou hu mer den Dag virdru vun der Regierung owes an eisem elektronesche Courrier erëmfanne kënnen. D'Ursaache dovu krute mer esou erkläert: Opgrond vun engem inoffizielle Gespréich tëschent Membere vum Statsrot an der Madame Ministerin hätt sech erausgestallt, dass d'Virlag vun der Regierung net conforme wär zu eiser Constitutioun, haaptsächlech wéinst den Artikelen 23 a 36, a wéinst engem kierzleche Geriichtsuerteel vun der Cour constitutionnelle. Doropshi sinn zwielef Amendementer virgeluecht ginn. Et gong am Prinzip ëm den Artikel 23, wou steet: «Tout ce qui est relatif à l'enseignement est réservé à la loi», an ëm den Artikel 36: «Les actes réglementaires d'exécution de la loi sont réservés au seul Grand-Duc.»

Am Klortext, d'Regierung stellt elo eréischt fest, dass déi gewollte Selbststännegkeet vun der Uni, op déi ech nach zréckkomme muss, e wichtegt Argument ass, mä si däerf net géint eng aussergewéinlech streng juristesch Ausleeung vun der Verfassung goen, soss riskéiert d'Regierung eng formell Oppositioun vum Statsrot mat der Konsequenz, dass de Projet net méi virun der Vakanz ka gestëmmt ginn, mam Risiko, deen d'Madame Minister genannt huet, nämlech hirer Angscht de Projet dann zerriet an net méi gestëmmt ze kréien.

D'Resultat dovunner kenne mer. Ech kann et net besser erkläre wéi den Här Ben Fayot. Et geet drëm, dass déi verschidde méiglech Fächer, déi enseignéiert ginn, net méi däerfe vun der Uni festgeluecht ginn, mä si sinn am Gesetz opgezielt. Et geet drëm, dass och de Kontrakt, deen ausgehandelt gëtt tëschent Stat an Uni fir jeeweils véier Joer, aus dem Text verschwënnt. D'Uni däerf keng Reglementer festleeën. Regele fir d'Kontroll vu Kenntnisser stinn elo am Gesetz.

D'Uni kritt d'Recht ofgeholl nei Fakultéiten ze schafen, wa Bedarf do ass. D'Uni kritt d'Recht ofgeholl nei Centres interdisciplinaires ze schafen an aler ofzeschafen. D'Uni kritt d'Recht ofgeholl nei Filièren am Unterrecht ze schafen oder an der Recherche nei Weeër anzeschloen oder aler opzehalen. D'Uni kritt d'Recht ofgeholl Reglementer betreffend d'Studien an Examen festzeleeën. Si däerf de Minister just nach beroden. Och d'Unerkennung vun den Diplomer an d'Méiglechkeete vum Recours vum Student däerfen net méi per Règlement d'ordre intérieur vun der Uni festgeluecht ginn.

Datselwecht gëllt fir d'Autorisatioun, Recherchen ze dirigéieren. D'Uni kritt d'Recht ofgeholl de pedagogesche Programm an de Programm fir Recherchë festzeleeën. Si däerf just nach Propositioune maachen.

Den Impakt vun esou Ännerungen op eng Héichschoul, déi internationale Modellcharakter soll hunn, kënnt Der selwer feststellen. Dobäi wiere genuch aner Méiglechkeete op bliwwen. Déi sinn och schonn hei genannt ginn. Et hätt ee kënnen déi betreffend Artikelen an der Verfassung ëmänneren. Ech weisen drop hin, dass et net fir d'éischt ass, dass d'Regierung d'Verfassung ännert, fir se hire Gesetzer unzepassen, amplaz ëmgekéiert.

***(Interruption)***

Ech kann lech e Beispill zielen.

***(Interruption)***

Beim Traité vu Maastricht zum Beispill, do ass d'Verfassung nodréiglech ugepasst ginn. Dir hat e gestëmmt.

***(Interruptions diverses)***

M. le Président.- Keng Zwiegespréicher, wann ech glift. Här Greisen, fuert Dir weider!

***(Interruption)***

Här Mehlen, Dir och wann ech glift. Et ass Schluss mat den Zwëschebemierkungen.

M. Fernand Greisen *(ADR)*.- Här President, d'Regierung hätt zum Beispill sech och kënnen iwwert d'Oppositioun vum Statsrot ewechsetzen. Wann also d'Regierung Courage bewisen hätt, wier se op e Wee gaangen, dee méi korrekt gewiescht wier. Déi nei Héichschoul hätt zwar déi nächst Rentrée da verpasst, mä dat war der Regierung d'Autonomie vun enger Uni mat Fräiheet am Enseignement a Recherchen net wäert.

Wat de Statsrot ubelaangt, waren et also a Wierklechkeet zwee verschidden Avisen, déi mer kritt hunn. Op deen eigentleche schréftlechen Avis brauch ech net méi zréckzekommen.

E weidere Punkt, deen am Kontext vun der Uni sécherlech och an der Zukunft wäert fir Diskussioun suergen, ass déi virgesinne Verwaltungsstruktur. Meng Virriedner hunn dëst schonn erkläert, esou dass ech mech op méi prinzipiell Froe beschränke kann.

Vun deem Moment u wou de Projet de loi virgestallt ginn ass, gouf et Diskussiounen iwwert de Grad vun der Autonomie, deen dëser Uni zougestane gëtt. Den SEW-OGB-L war séier do fir an engem Pressecommuniqué ze behaapten, déi wäit reechend Autonomie vun der Uni géing vill ze wäit goen. Domadder géing de Stat an engem wichtege politesche Beräich en Deel vu senge Virrechter opginn. Déi neoliberal Tendenz géing mat dem virgeschloene System nach verstäerkt ginn. De Message war also kloer. Vill ze vill Autonomie an ze wéineg Stat.

Op där anerer Säit hu sech am Géigendeel vill Organisatiounen driwwer opgereegt, datt grad deen do System iwwerhaapt net genuch Autonomie fir déi zukünfteg Uni géing beinhalten. Den allgemengen Tenor war deen, datt hei de Stat déi absolut Kontroll behält an dës Uni keng Autonomie huet. Dëst Gefill ass nach doduerch verstäerkt ginn, well d'Madame Minister bei der Presentatioun vum Projet mat Vehemenz drop bestanen huet, ech zitéieren: „que de toute façon le Gouvernement garde toujours le dernier mot. Nous ne voulons en aucun cas émettre un chèque blanc à une instance incontrôlable.“ Dat liese mer am Lëtzebuerger Land vum 6. Dezember. Vun Autonomie ass keng Spuer.

Dës méi wéi däitlech Wierder hunn natierlech Reaktioune provozéiert. Esou huet d'UNEL, also d'Studenten, gesot, ech zitéieren: «que le problème dans le projet de loi présenté est le fait que justement la communauté universitaire soit totalement dépourvue de tout pouvoir de décision sur sa propre destinée. Ceci nous semble contraire à un principe de l'autonomie, tel qu'il est communément accepté. L'Etat n'est pas en droit de dérober la communauté universitaire de tout droit de décision sur l'orientation future de l'université qu'elle forme. Un tel dirigisme étatique en matière académique est en effet contraire aux us et coutumes de la démocratie parlementaire, et rappelle plutôt la situation sous des régimes autoritaires.»

Dat ass och schonn hei vu menge Virriedner, an nach méi däitlech gesot ginn.

Och d'APESS huet ganz däitlech Wierder fonnt. Esou schwätzt d'APESS ënner anerem dovunner, datt „ohne Ministerium und Regierung läuft nichts an der Université de Luxembourg“, an „statt für authentische Autonomie und Freiheit von Forschung und Lehre zu bürgen, machen sich unsere politeschen Verantwortlichen stark für die permanente Einmischung und die totale Gängelei“.

Och d'Associatioun vun den Enseignants et chercheurs schléisst sech dëser Kritik un a seet: «Qu'il n'y a pas de séparation de pouvoir.»

An engem Artikel am Forum bréngt e Grupp vun Héichschoulprofesseren den allgemengen Androck nach eng Kéier däitlech ervir. Ech zitéieren: „Die Tatsache, dass die Regierung eine Verfassungsänderung in Anbetracht der Ablehnung der Autonomie der zukünftigen Universität durch den Staatsrat nicht zurückbehalten hat, lässt sich nicht nur mit der unbegründeten Eile bei der Schaffung der Uni erklären, sondern deutet darauf hin, dass sie eigentlich über die Bedenken des Staatsrats nicht unerfreut war, kann sie doch nun die Alibiautonomie ganz abschaffen und dem Staatsrat den schwarzen Peter zuschieben.

Man kann die beabsichtigte Universitätsgründung nur mit solchen im ehemaligen Ostblock vergleichen, deren Leitungsgremien wie Forschungsvorhaben auch allein vom Staat bestimmt wurden.“

Här President, wann ech dës Zitater hei alleguerte virdroen, dann ass et fir de Leit dobaussen ze weisen, datt hei vun Autonomie a Wierklechkeet keng Spuer ass. Wat awer genee esou bemierkenswäert ass, ass d'Tatsaach, datt sech déi ënnerschiddlech Positiounen zum Deel nach komplett widderspriechen.

Esou wéi dës Strukture presentéiert ginn, ka jiddereen dra liese wat hie wëllt. Fir déi eng huet de Stat op der Uni guer näischt méi ze soen a fir déi aner bestëmmt de Stat, also d'Regierung, alles an d'Uni huet näischt ze soen.

E Gesetzestext, deen esou ënnerschiddlech Presentatiounen zouléisst, ass e schlechten Text an e kann eis Zoustëmmung net fannen.

Mat enger moderner an autonomer Uni huet dat näischt méi ze dinn. D'Lëtzebuerger Land huet et op de Punkt bruecht. Ech zitéieren: «L'approche défensive, les nombreuses clauses et limites devant empêcher ceux qui visiblement ne sont toujours pas pris au sérieux, ces prototypes de chercheurs fous, de dépenser les deniers publics. L'érudit, le savant reste toujours un peu suspect.»

Dir Dammen an Dir Hären, fir den ADR ass et kloer, datt de Conseil de gouvernance just e Kontrollorgan däerf sinn, an datt de Rektor gewielt gëtt, an zwar vum Conseil universitaire, dee sech zesummesetzt aus Vertrieder vun de Proffen, vum administrativen an technesche Personal a vun de Studenten.

Här President, ech kommen zum Punkt vum Problem vun der Mobilitéit.

Dee Prinzip ass als ee vun den Haaptcharakteristike vun der neier Uni festgeschriwwen. Mir sinn eis alleguerten eens heibannen, dass dëse Mobilitéitsprinzip begréissenswäert ass. Et ass och fir den ADR e wichtege Prinzip, an ech hunn dat a menger Aféierung nach eng Kéier bestätegt. Esou wéi en allerdéngs elo festgehale gëtt, et ass eng absolut Obligatioun fir all Student, an dësen zwéngende Charakter gëtt zu Recht hannerfrot.

Esou seet de Statsrot a sengem Avis: «Le Conseil d'Etat est à se demander si le caractère contraignant de cette mesure n'est pas trop rigide et ne devrait pas par conséquent concerner les seules disciplines où la mobilité est un atout fondamental pour la formation et la vie professionnelle ultérieure. Le Conseil d'Etat renouvelle l'expression de sa réticence envers le caractère intangible du principe de mobilité. Le fait de le situer au début des études ne lève pas les réserves émises.»

An d'Chercheuren an d'Enseignantë waren an enger anerer Stellungsnam ganz däitlech: «Nous préférerions que la mobilité soit encouragée, notamment par des bourses, et non forcée. En la matière, nous souhaiterons que cela se déroule en fin de cycle.» A weider: «La situation des enseignements courts (bac+3) qui devraient former, en termes de nombre d'étudiants, le fonds de commerce de l'université, se précarise.

Pour les étudiants étrangers venant d'un pays limitrophe, une université qui les obligera déjà pendant le premier cycle de leurs études de retourner dans leur pays natal sera peu attrayante.

Et l'étudiant luxembourgeois qui sera obligé de partir déjà au début de ses études à l'étranger, ne se décidera-t-il pas d'office pour une université étrangère?

En outre, la mobilité telle qu'elle est envisagée dans le texte coordonné nécessitera une gestion administrative extrêmement lourde et pénalisera les étudiants venant d'un pays lointain qui devront en peu de temps s'adapter à deux systèmes d'enseignement et à deux environements culturels différents.»

Och d'Héichschoulprofessere ginn an déiselwecht Richtung wa se soen an engem Text aus dem Forum: „Hingegen werden die Studenten per Gesetz gezwungen, innerhalb des ersten Zyklus ein Jahr an einer ausländischen Uni (Trier, Metz, …) zu verbringen, statt dass man diesen Zeitpunkt ins Ermessen der Betroffenen beziehungsweise von abzuschließenden Kooperationsverträgen mit anderen Universitäten abhängig machen würde."

Wann ee sech dës Kritike virun Ae féiert, da muss ee bedaueren, datt de Mobilitéitsprinzip hei vun der Regierung op esou eng restriktiv Aart a Weis interpretéiert gëtt, datt et am Endeffekt der Uni méi schuet wéi nëtzlech ass.

Am Kader vun enger Table ronde vun der ACEL organiséiert, also vum Cercle des étudiants, huet e Professer a Chercheur um IST zu Recht drop higewisen, dass grad den IST zum Beispill schonn zënter laangem e komplette Studienzyklus ubitt, an dass et do méi wéi schued wier, wann een déi Offer zu Gonschte vun dësem Mobilitéitsprinzip géing opginn. Wann een also bedenkt, datt et bis elo zu Lëtzebuerg komplett Studienzyklen am Beräich IST, ISERP a bei den Educateurë gëtt, an datt jo och vill auslännesch Studente sollen op Lëtzebuerg kommen, ass et onverständlech fir dësen Absolutismus anzeféieren. Dat kann also beim beschte Wëllen eiser Uni net hëllefen. Hei ginn d'Studenten éischter ofgeschreckt fir hir Studien am Ausland ze maachen, anstatt dass se ugelackelt gi fir se zu Lëtzebuerg ze maachen.

Wa mer dann nach bedenken, datt mer zu Lëtzebuerg am europäesche Verglach déi mannsten Unisofgänger hunn, da kann een iwwer esou Bestëmmungen nëmmen de Kapp rëselen. Och wa verschidde Leit hei am Land dat net wëlle wouer hunn, esou ginn hei Studenten, déi keng Unistudie maachen, well se net wëllen an d'Ausland, déi also virzéie mat enger Première schaffen ze goen, och net ugezunn.

Ouni dat wëllen ze bewäerten, muss een awer festhalen, dass op déi Manéier erëm anerer verluer ginn. Mat dësem Uniprojet, dee mer also virleien hunn, kréie mer net all Studenten erfaasst esou wéi mer dat wëllen. Do stellt sech also déi prinzipiell Fro, ob een e Student iwwerhaapt däerf zwénge fir Studien am Ausland ze maachen, wann et e kompletten Zyklus hei am Land gëtt. Ass dat iwwerhaapt mat eiser Constitutioun an Aklang ze bréngen, déi jidderengem et erlaabt fräi seng Studien ze wielen?

Dir gesitt also, dass och bei der Fro vun der Mobilitéit absolut keng Klorheet besteet a sech méi Froen ergi wéi Äntwerten. Och erëm e Grond méi, fir dëse Projet net ze stëmmen. Ech kommen zum Schluss vu mengen Ausféierungen.

Den ADR huet schonn e puermol hei an der Chamber gesot, bei verschiddene Projeten, bei verschiddene Votë vu Projeten zum Enseignement a fir Gebaier: All Frang, dee mer an d'Zukunft vun eiser Jugend, der Ausbildung richteg investéieren, ass gutt ugeluecht. Ob dat hei dee richtegen Invest ass, bleift nach festzestellen. Op alle Fall kascht et emol deier a mir kennen nach laang net all Ausgaben.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Ech wëll nach kuerz op den IST, op eng méi wéi 85 Joer laang Geschicht vun dëser Formatioun zréckkkommen, déi jo, wéi den Här Fayot hei och gesot huet, elo den Doudesstouss kritt. A Wierklechkeet ass de Profil vun dëser 85 Joer aler Formatioun awer weiderhin nach gebraucht, a mir froen eis wéi et op deem Gebitt soll weidergoen. Hei ass méi Konkretes ofgerappt wéi opgebaut ginn.

Här President, ech hunn nëmmen e puer Punkte kënnen opziele vun Ongereimtheeten, vun Onsécherheeten a vu Problemer, déi och nach duerch en onbegrënnten Zäitdrang verstäerkt ginn. Aner Riedner hunn nach méi an nach vill aner Problemer opgezielt a sinn dann awer zum Schluss komm dëse Projet ze stëmmen. Ech kann esou eng Attitüd net verstoen.

D'Konklusioun, déi den ADR zitt, no net ganz einfachem Ausweie vun alle Vir- an Nodeeler a mat groussem Virbehalt wéinst villen Onbekannter, ass déi hei: Jo zur Héichschoul Lëtzebuerg, mä awer net esou. Et deet eis am Fong leed, mä den ADR wäert sech beim Vote enthalen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et si scho verschidde Virriednerinnen a Virriedner, déi hu vun engem historesche Moment geschwat, an et géif ee sech elo provinziell hei virkommen, wann een net vun engem historesche Moment géif schwätzen. Dofir soen ech och, mir sinn an engem historesche Moment mat der Kreatioun vun der Université du Luxembourg.

Ech hunn awer a weiser Viraussiicht keng Ried virbereet fir dësen historesche Moment, net nëmme well ech mer ongeféier konnt denken, datt ech an der Mëttesstonn hei géif optrieden, mä och well meng Virriednerinnen a Virriedner schonn esou vill vun deene Wourechte gesot hunn, wann ech déi och nach géif hei verzielen, da géifen se eng Palissade eroffalen an et géife Lapalissades oder Vérités de la palice ginn. Dofir wëll ech net nach eng Kéier déiselwecht Wourechten hei widderhuelen.

Ech ralliéiere mech un déi Wourechten an och un déi Kriticken, déi vu verschiddene Virriedner a Virriednerinnen hei geäussert gi sinn. Ech wëll trotzdeem soen, dass et en historeschen Ableck ass, an ech wëll och der Rapportrice, der Madame Stein, merci soe fir hir excellent Aarbecht, och der ganzer Kommissioun, wat ech normalerweis net esou gär maachen.

Ech wëll awer och hei souwuel d'Majoritéit oder Deeler vun der Majoritéit wéi och Deeler vun der Oppositioun würdegen, well ech menge wa mer keng Ministesch gehat hätten, déi esou stramm hannert deem Projet gestanen hätt, mä vläicht de Projet just e bëssen esou pro forma ënnerstëtzt hätt, a wa mer och keng Oppositioun gehat hätten, alle virun den Här Fayot, déi dee Projet scho säit Jore gebetsmühlenartig an d'Diskussioun bréngen, wéi wa mer eng Oppositioun gehat hätten, déi schonn e bësse méi retizent gewiescht wier, da wier dee Projet haut net op den Ordre du jour komm an och vläicht net an d'nächst a lescht Joer vun dëser Legislaturperiod.

Dat muss ee gesinn, well mir hunn zu Lëtzebuerg oft esou en ëmgekéierte Solerasystem wéi de Sherry, deen a Spuenien gemaach gëtt, wou jo da mat deem Solerasystem de Wäin ëmmer méi staark gëtt. Zu Lëtzebuerg gëtt et en ëmgekéierte Solerasystem, wou d'Diskussiounen dozou féieren, dass aus engem staarke Wäin herno just nach e Fusel erauskënnt, deen een net méi drénke kann.

***(Hilarité)***

Et ass och aus deem Grond, wou mir trotz alle Retizenzen, déi mir bei dëser Universitéit hunn an déi vum Här Fayot brillant hei resüméiert gi sinn, dëse Projet wäerte stëmmen.

Am Géigesaz zum Här Wiseler hat ech den Här Fayot net als Franséischprof an hunn och dann net misse viru 25 oder 30 Joer Dissertatiounen iwwert d'Opportunitéit vun enger Universitéit schreiwen. Ech hat den Här Fayot als Geschichtsprof, dofir interesséieren ech mech därmoosse fir Resistenzler am spuenesche Biergerkrich.

***(Hilarité)***

Ech hat den Här Albert Decker als Franséischprof, an deen huet mer ëmmer mat Genoss Anekdote verzielt aus den 20er, 30er Joren, wat fir Resistenzen et deemools scho gouf, an och an de 50er Joren, géint eng Universitéit vu Lëtzebuerg. Do huet en ëmmer verzielt, dass verschidde konservativ Milieuë geduecht hunn hei zu Lëtzebuerg géif et herno eng Atmosphär wéi um Montmartre ginn, wou éiweg Studente mat laangen Hoer an ouni Krawatt a mat Hiemer mat kuerzen Ärem géifen Onrou an d'Lëtzebuerger offiziell Uerdnung bréngen.

***(Hilarité)***

Dat ass also eng Horrorvisioun, déi während 60, 70 Joer d'konservativ Milieuen hei ëmmer verfollegt huet, an dofir ass et schonn e Quantesprong, wéi den Här Fayot, oder wie war et, gesot huet, dass mer elo, trotzdeem et net an der Regierungserklärung steet, hei zu enger wichteger Universitéit zu Lëtzebuerg kommen, an dat muss awer och emol eng Kéier hei gewürdegt ginn.

Lëtzebuerg hat et jo och eigentlech bal ni néideg fir eng Universitéit ze kreéieren, genau wéi Lëtzebuerg et och bal ni néideg hat fir eng Bildungsreform an anere Secteuren ze maachen. Déi Aarbechtskräften, déi mer gebraucht hu fir déi onagréabel Aarbecht ze maachen, hu mer aus dem Ausland kritt, an déi akademesch Tätegkeeten, déi hu mer entweder vu Lëtzebuerger, déi am Ausland studéiert hunn, kritt oder mir hunn e Brain drain am Ausland gemaach a Fachkräften hei op Lëtzebuerg geholl, well mer eis dat konnten opgrond vun deem héijen Niveau vun de Rémunératiounen erlaben.

An dofir huet d'Lëtzebuerger akademescht Liewe sech ëmmer beschränkt op Gebitter, wou de Lëtzebuerger Stat wollt eng gewësse Mainmise op hir Zöglingen aus dem Ausland halen: d'Collation des grades, den ISERP oder d'normal Schoul, oder den IST, wou d'Lëtzebuerger Industrie eigentlech ëmmer wollt Fachkräften hunn, déi e bësse méi bëlleg ware wéi déi, déi am Ausland ausgebilt ginn, déi awer eng ganz gutt Aarbecht an der Sidérurgie an op anere Gebitter gemaach hunn.

Dofir ass déi Diskussioun zu Lëtzebuerg ëmmer verflaacht an all déi Initiativen, wéi och déi vum Gaston Schaber an de 50er Joren, sinn dann ëmmer ënnert den Dësch gekiert ginn. An och déi an de 70er Joren, do ass jo och déi Iddi vun enger Universitéit zu Lëtzebuerg ëmmer erëm opkomm, ass eigentlech ëmmer am Sand verlaf, well keng Nécessitéit bestanen huet. Et ass eréischt elo wou Lëtzebuerg mierkt, dass gewësse Souveränitéitsnischen, vun deenen ech jo schonn haut de Moie geschwat hunn, ëmmer méi zerbréckelen, dass d'Nécessitéit erkannt ginn ass, dass mer zu Lëtzebuerg och missten e Standbeen an dem universitären Enseignement an an der universitärer Fuerschung hunn.

1996 - ech hunn déi Riede vun deemools nogelies - ware mir och eigentlech schonn agetratt fir d'Tabula rasa. Mir haten eis zwar hiräisse gelooss, iwwregens och wéi haut, dann de Projet awer ze stëmmen, well mer geduecht hunn, et ass awer e Fortschrëtt, an et ass ëmmer besser e klenge Fortschrëtt wéi e grousse Stillstand, mä schonn deemools hu mer gesot, dass déi Reform vun 1996 net duergeet fir deen entscheedende Schrëtt ze maachen, fir e seriöen universitären Territoire hei zu Lëtzebuerg ze implantéieren.

Et huet eigentlech bis d'Joer 2000 mat der Interpellatioun vum Kolleeg Ben Fayot gedauert bis et emol erëm e bësse gebrodelt huet. Ech ka mech erënneren, mir hate vun der Zeitung WOXX eng Table ronde eng Kéier am «Wëlle Mann» gehat, wou och d'Madame Ministerin an den Här Fayot drun Deel geholl hunn, do war den Interesse par rapport zu anere Sujete wéi Structures d'accueil minimal. Déi Diskussioun huet op enger klenger Flam gebrodelt, an eréischt wéi dat ominéist Wäissbuch komm ass, do hunn emol d'Leit gewot sech ze positionéieren an déi Kritik, déi natierlech deemools ganz richteg war, dass dat Wäissbuch am stillen Kämmerlein gestréckt gi wär, déi ass nach haut gülteg. Mir hätten och vläicht léiwer duerno e Grénglbuch gehat oder en anert Wäissbuch, wat méi déck gewiescht wier a wou nach vläicht Positioune vun aneren Elementer dran agefloss wieren.

Dat ass elo en ofgeschlossene Prozess, mä ëmmerhi muss ee soen, dass et säit dem Joer 2000, dat si jo awer knapp dräi Joer hier, en enorme Fortschrëtt an der Diskussioun ginn huet an all déi Defiziter, déi schonn hei opgezielt si ginn, déi am Gesetz herno sech répercutéiert hunn, déi Onklorheeten, och déi Irritatiounen, déi do entstane sinn duerch Conciliabulen zwëschent der Regierung an dem Conseil d'Etat, alles dat ass ganz richteg gesot, mä dat verhënnert net, dass ee muss iergendwann eng Kéier Faarf bekennen, au risque dass een a fënnef Joer seet, mir hunn eis gëiert, muss een iergendwann eng Kéier net nëmmen e «peuple épris de sécurité» sinn, mä och kënnen e Wagnis agoen, wat effektiv dann all déi Risike beinhalt, déi hei scho gesot gi sinn, mä mir kënnen net verlaangen, egal wéi eng Regierung dass et ass, dass déi hei e Projet virleet, deen eis op zéng Joer alles virgëtt wat an dem universitäre Paysage ze geschéien huet, an dass do keng Incertituden a keng Risike bestinn.

Dat gesot, Här President, wëll ech den Accord vun eiser Fraktioun ginn, wëll awer nach ganz kuerz op zwee, dräi Punkten agoen, besonnesch op deen, dee mer ganz wichteg erschéngt, dee vun de Centres interdisciplinaires.

Fir d'éischt wëll ech nach eng Kéier kuerz rappeléiere wéi eng Finalitéiten een hätt kënnen dëser Universitéit ginn. Ech gesinn do eigentlech dräi Grondsätz. Entweder eng hausgestréckten Universitéit, déi jo am Ufank och am Gespréich war, déi sech haaptsächlech u Lëtzebuerger Studenten a Studentinne geriicht hätt. Et hätt ee sech kënnen, an dat war ëmmer eis Positioun, an der Groussregioun positionéieren, e Partage du travail maache mat deenen Universitéiten, déi ronderëm eis sinn, kucken dass déi eng oder aner Filière net méi an deem Mooss do ugebuede gëtt an déi op Lëtzebuerg kéim, an dann aner Saachen, déi zu Lëtzebuerg vläicht waren, dass ee géif soen, okay, mir maachen dat net weider a mir schécken eis Leit, souwuel eis Studenten a Studentinne wéi och eis Enseignanten op déi Nopeschuniversitéit.

Déi drëtt Variant, déi war jo och ganz staark am Gespréich an ass och medieméisseg méi gepusht ginn, dat war déi fir an dem Zäitgeescht vun der Elitebildung hei zu Lëtzebuerg eng Harvard- oder Princeton-, oder wat och ëmmer, Universitéit ze maachen, wou dann awer nëmmen postgraduated Ugeboter géife geleescht ginn an deen Tronc ënnendrënner vernoléissegt géif ginn.

Et gouf an der Kommissioun vun Ufank u gewësse Konsensschinnen. Zum Beispill déi, dass d'Majoritéit vun de Lëtzebuerger Studenten a Studentinne weiderhi sollt an d'Ausland goen. Dat ass liicht gesot, mä wann een awer d'Debatten haut verfollegt, ass dat nach ëmmer net ganz kloer, well verschidde Riedner a Riednerinnen hu gesot, et misst een och Lëtzebuerger Studenten a Studentinnen, déi bis elo léiwer am Hotel Mamma doheem souzen oder iwwerhaapt net studéiere goe wollten, d'Méiglechkeet gi fir e Studium ze maachen. Ob dat elo méi gefördert gëtt doduerch dass si dann op Walfer fueren oder op Belval anstatt op Tréier, Metz oder Léck, dat woen ech ze bezweifelen, mä ech denken, dass mer iergendwann awer och musse vläicht soe wéi eng Proportioun vu Studente mer maximal wëllen zu Lëtzebuerg halen a wéi eng Proportioun vu Studente weiderhi sol-

len de groussen Deel vun hirem Studium am Ausland maachen.

E weidere Konsens besteet doran, fir ze soen, et ass keng Lëtzebuerger Uni, an d'Madame Ministerin huet dat an der Kommissioun jo och temperamentvoll vertratt, et ass eng interregional, et ass eng europäesch Uni. Dat ass natierlech liicht gesot, well jiddfereen ass domadder d'accord, mä wat awer och an deem heite Gesetz elo net richteg erauskënnt a wahrscheinlech eréischt duerch d'Praxis sech wäert definéieren: Awéiwäit si mer an dee regionale Spektrum agebonnen? Heiansdo liest een esou Artikelen a regionalen Zeitungen, dass Recteure vun de benachbarten Universitéite sech Suerge maachen, well Lëtzebuerg wéinst sengem staarke Finanzvolumen, dee jo nach de Moment present ass, kéint tentéiert si fir gewësse Kapassitéiten aus der Regioun op Lëtzebuerg ze zentraliséieren. Do sinn nach net alleguerten d'Ängschten ofgebaut, an do muss déi nei Universitéit sech och virsiichteg eruntaaschten, fir dass déi Kollaboratioun an enger gewëssener Fairness ofleeft.

Den drëtte Konsens, deen an der Kommissioun bestanen huet, war dee vum héijen Niveau. Dat ass och liicht gesot, well et ass natierlech méi einfach en héijen Niveau anzeféieren, dass ee just postgraduated Studien ubitt, en Numerus clausus aféiert an nach en décke Minerval, wou just Leit erakommen, déi iergendeng Bourse vun der Zigarettenindustrie kréien, während wann een eng Uni mécht, déi zum Deel awer op ass fir all Mënsch, oder zumindest fir all Mënsch, deen dozou befäegt ass, dann ass et méi schwéier deen Niveau schonn a priori ze definéieren. Da kann ee sech just als Zil setzen, well soss kënnt et zu esou Banalitéiten, dass ee seet, wéi den Här Wiseler och schonn zitéiert huet, dass eng Uni gutt ass, wa se gutt Enseignanten a gutt Studentent a Studentinnen huet. Ech denken, dass an deem Beräich nach muss ganz vill Feinmechanik gemaach ginn.

Dissens gouf et och an der Kommissioun, awer vläicht manner an der Kommissioun wéi an der Öffentlechkeet zu deem Punkt, deen ech scho gesot hunn, dass ee misst eng Universitéit maachen, déi wierklech eng Elite-Universitéit wär.

Dissens gouf et och iwwert d'Cohabitatioun vu Filières professionnalisantes a Filières strictement académiques. Ech ka mech erënneren, dass wéi eng Motioun vun eis ugeholl ginn ass am Joer 2000 bei der Interpellatioun Fayot iwwert d'Integratioun vun dem pedagogesche Bildungswee an déi Universitéit, dass do verschidde Leit gemurrt hunn, wéi een dat op schéin Däitsch seet, an dass dat och net evident war. An do sinn natierlech d'Argumentatioune verschidden. Do si Leit, déi fäerten, da missten si hir Ingenieure méi déck bezuelen, an anerer fäerten, dass dann eng Lawin beim Stat ukéim, wou d'Schoulmeeschteren, d'Léierinnen an och d'Educateurs gradués an d'Educatrices graduées de Statut universitaire hunn an deementspriechend méi rémunéréiert wëlle ginn. Dat sinn natierlech Saachen, déi mer ëmmer versicht hunn an der Kommissioun ze vermeiden an der Diskussioun, well dat jo eng Hypothéik gewiescht wier op d'Sachlechkeet vun den Diskussiounen, mä déi natierlech ëmmer als en Damoklesschwert iwwert den Diskussioune geschwieft hunn.

An dann e leschten Dissens, mä dat ass en typesch lëtzebuergeschen Dissens, an dee wäert an den nächste Joren nach oft opkommen - ech hu schonn erëm eng Motioun hei gesi leien -, dat ass natierlech dee vun de Siten.

Fir d'éischt war et d'Université au Luxembourg, an dann huet dat missen zu Lëtzebuerg sinn. Dunn ass awer d'Provënz an d'Spill komm mat Belval a mat Walfer. Et ass d'Université du Luxembourg ginn, a scho sinn erëm Stëmmen déi schwätze vun engem Campus an der Stad, deen et iwwerhaapt net gëtt. Déi aner soen alles op Belval. Dat gëtt nach eng lëschteg Diskussioun, wou da jidderee regional patriotesch sech wäert positionéieren. Mir wëllen eis an där Diskussioun net weider positionéieren. Mir sinn der Meenung, dass et am 21. Jorhonnert mat allen elektronesche Medië méiglech ass op dräi verschiddene Siten, déi deelweis manner wäit ewech leie wéi a Groussstied d'Sitë vun den Universitéiten - den Här Wiseler huet dat jo scho gesot -, eng Zesummenaarbecht ze kréien. Si wäert méi schwiereg sinn, mä ech denken, dass mat e bësse guddem Wëllen, dat kee Problem wäert sinn.

Deen zweete Punkt niewent dem Inhalt an de Finalitéiten, wou ech wollt kuerz drop agoen, ass natierlech dee vun de Strukturen. An do ass d'Diskussioun jo och schonn hei gelaf zwëschent enger Universitéit, déi méi staark ënnert de Fittiche vun dem Stat steet an enger, déi méi dereguléiert ass. An do weess een net esou richteg, wat ee soll soen. Déi eng schreiwen et géif eng Ostblockuniversitéit ginn, anerer wéi mäin Noriedner, déi wäerte wahrscheinlech mat schwéierem Geschütz optrieden an eng neoliberal Universitéit witteren, wou herno McDonald's federführend wär. Dat ass evident, wann een den Text gesäit, besonnesch an der éischter Versioun vum Text war dat vill méi offen.

Duerch déi Amendementer vum Statsrot ass effektiv e méi not Réckelen erëm bei d'staatlech Responsabilitéit komm. Ech hat am Ufank domadder relativ grouss Problemer, hu mech dunn awer erënnert, dass mir als Gréng ëmmer fir d'öffentlech Schoul agetratt sinn, wat net wëllt heeschen, dass een net aner Optiounen op léisst, a wann een d'Originalversioun vum Projet bäibehalen hätt, hätt dat sécherlech ganz vill Virdeeler fir d'Universitéit beinhaltet, hätt awer och gewësse Risike fir verschidden ekonomesch net esou attraktiv Fächer beinhalt, well d'Universitéit an hirem Autonomiesprozess op eemol geneigt gewiescht wär gewësse Fachgebidder méi ze favoréisere wéi anerer.

Ech hu selwer op enger Universitéit mäin zweet Studium gemaach, wou lues a lues gewësse Fachberäicher anerer ewechgrignoréiert hunn, zum Beispill a Saache wéi Pedagogik, Sociologie a Geschicht, déi lues a lues d'Moyenen ewechgeholl kritt hunn, well et jo am Zäitgeescht geheescht huet, et muss méi an d'Ekonomie an et muss méi an d'Elektronik investéiert ginn.

Dofir gesinn ech déi Zréckverstaatlechung vun der Uni duerch de Statsrot, wat jo schonn e bësse kuriéis ass, net mat engem alarméiernden Aen. Et muss ee kucken, an dat ass, mengen ech, och an enger Motioun enthale vum Här Fayot, dass d'Chamber vläicht de Prozess vun der Universitéit méi staark observéiert, wéi se dat bei aneren Institutioune gemaach huet, dass wann et sech opdrängt fir eng Ännerung vum Gesetz ze maachen, déi da vläicht prozedural méi schnell geet wéi dat kënnt befäert ginn.

E grousse Problem hate mer an hunn ech en och nach deelweis mat den autoritäre Strukture vun der Universitéit. Et si souguer Leit, déi dat e bësse méi frech als Hannibal Rektor mat senge siwen Elefante bezeechent hunn. Et ass effektiv kloer, dass een e bëssen Ängschten huet, wann een aus Erfahrung weess, wéi gewësse Leit en fin de carrière no hirem leschte Kéisplateau nach en Dessert a Form vun engem Conseil d'administration oder vun engem universitäre Bäirot zerwéiert kréien. Mir hoffen, dass bei der Kompositioun vun deem Gremium gekuckt gëtt, dass net no esou Kritären, déi fréier méi de mise waren, verfuer gëtt.

Datselwecht, wat d'Positioun vum Rektor war an ass. Déi ass zwar elo e bëssen derduerch geschwächt ginn, dass aus dem Rektor e Rektorat ginn ass, mä trotzdeem muss ee soen, dass déi Aflossméiglechkeete vum Conseil universitaire nach ëmmer relativ beschränkt sinn. De Statsrot war souguer a Panik verfalen, wéi en op eemol gemierkt huet, dass d'Studenten an der Majoritéit waren. Do hunn déi nach méi gro Hoer kritt an hunn dat rektifizéiert, esou dass een elo en Equiliber huet zwëschen Enseignanten, Studenten an deene Leit vum Apparat.

D'Befugnisser vum Rektor sinn zwar beschnidde ginn, awer déi vun de Leit um Terrain sinn net proportionell augmentéiert ginn, an dat ass eppes woumat mir awer nach ëmmer Problemer hunn a mir hoffen, dass wa sech no e puer Joer erausstellt, dass déi autoritär Strukturen zu engem gewëssene Blocage vun den Diskussiounen a vun den Transferts d'idées gefouert hunn, dass do vläicht dann eng kleng Rectification de tir geschitt.

Ganz gutt fanne mer, dat wëll ech awer och als Remarque soen, dass eng Fraebeoptraagten nach a leschter Minutt agefügt ginn ass. Ech ka mech erënneren un eng Statistik aus dem Joer 1990 - ech weess net wéi et haut ass -, dass an Däitschland an dem iewegten Niveau vun den Universitéiten, also Rektoren, Dekanen, an an der iewechter Stuf vu Proffen, 98% Männer waren. Also ass déi Geschicht mat der Fraebeoptraagte vläicht net elo eppes wat een als Luxus betruechte kann, an et ass scho beschämend, dass grad an esou Milieue vun universitäre Strukturen esou eng Ënnerrepresentatioun vu Fraen ass, déi nach méi staark ass wéi an anere Branchë vun der Gesellschaft.

Wat de Choix vun de Fakultéiten ubelaangt, wëll ech soen, dass mer eigentlech dee Choix kënne begréissen. Am Ufank ware jo méi Fakultéite virgesinn. Et ass och esou, dass verschidde Fakultéiten e bësse e Fourre-tout sinn. Well sech d'Nimm, déi dra stongen e bësse verlängert hunn, muss ee kucken, dass déi awer esou gestrafft ginn, dass een herno nach kann erkennen, wat dann de Schwéierpunkt vun dem Enseignement a vun der Fuerschung ass.

Ech hunn et scho virdru gesot, dass dat, wat net evident war, nämlech d'Integratioun vun de professionnalisante Formatiounen an d'Uni, mir dat als wesentlechen Acquis vun dësem Gesetz ugesinn. Ech wëll elo net esou platt sinn a soen, well a Finnland d'Schoulmeeschteren an d'Léierinnen 310 ECTS-Kreditter hunn, a mir zu Lëtzebuerg hunn der 180 ongeféier, dass doduerch Finnland besser ofschneit, mä trotzdeem huet d'Ausbildung vun de Léierinnen a Schoulmeeschteren, den Educatricen an Educateuren, och eppes mat dem Niveau ze dinn, deen à la base offréiert gëtt, an awer och natierlech mat de Méiglechkeete vu Weiderbildung fir déi Leit, déi déi künfteg Ausbildung net matgemaach hunn. Dofir begréisse mir engersäits, dass déi Ausbildungen, déi ech genannt hunn, en universitäre Charakter hunn, sinn awer och der Meenung, dass een net ka bei 180 ECTS fir gewësse Formatiounen, wéi zum Beispill Schoulmeeschter a Léierinn stoe bleiwen. De logesche Sprong wär natierlech deen op 300, mä dat ass e Sprong vu bal 80%, an ech gleewe kaum, dass mer hei zu Lëtzebuerg bereet sinn esou e grousse Sprong ze maachen.

Mir soen an engem Otemzuch, mir verfolge strikt de Bologna-Prozess mat deenen dräi, fënnef, aacht, an aneren entspriechenden ECTS-Kreditter, an da baue mer op eemol nach esou Zwëschesaachen a wéi véier Joer fir d'Léierinnen an d'Schoulmeeschteren, hei 240 Punkten an do nach anerer. Dat gëtt awer herno eng Spaghetti bolognaise, déi vu ganz ënnerschiddlechen Tellere giess gëtt, an dofir fannen ech, dass een iergendwinni soll eng Diskussioun doriwwer féieren, dass een an deene professionnalisante Filièren och e Quantesprong mécht an iwwert déi bestehend Kreditter erausgeet.

Ech kommen dann zu engem weidere Punkt, dee fir mech an dëser Debatt ganz wichteg ass, dee vun de Centres interdisciplinaires. Dat ass och erëm eng Kéier e Paradebeispill fir all d'Gemengen. All Mënsch fënnt et wichteg, dass interdisciplinaire geschafft gëtt. All Mënsch fënnt et wichteg, dass déi verschidde Branchen sech géigesäiteg befruchten a se Projete gemeinsam maachen. Et gouf Initiativë wéi den ISIS um Centre Universitaire. Dat ass alles ganz schéin a gutt, mä de Problem stellt sech, wat ass „interdisciplinaire"?

Wann ech de Statsrot kucken, dee schreift, et däerfen nëmmen dräi Centres interdisciplinaires ginn, da gëtt et schonn e Reflex: Elo kritt all Fakultéit säi Centre interdisciplinaire. Deen een ass jo schonn an de Startlächer, anerer sinn amgaang zesummegesat ze ginn, an do stellen ech mer d'Fro: Sinn déi Centres interdisciplinaires net dofir geduecht, dass tëschent de Fakultéiten eppes soll gemaach ginn? A firwat déi Limitatioun op dräi? Wann op gewëssene Punkten innerhalb vun de Fakultéite soll interdisciplinaire geschafft ginn an och iwwergräifend, kënnt een op eemol mierken, dass et mat dräi net duergeet, oder et pucht een alles an déi dräi, esou dass herno aus deene Centres interdisciplinaires e Centre pluridisciplinaire oder multidisciplinaire gëtt. Dofir hätte mir léiwer gesinn, dass an dem Gesetz déi Limitatioun net virgesi wär.

Da komme mer zu deem spezifesche Punkt vun de Centres interdisciplinaires am Beräich vun de Sciences humaines oder vun de Sozialwëssenschaften, wéi een et och ëmmer nennt.

Et war jo esou, dass mer vergiess hate Représentantë vu Centres interdisciplinaires bei eisem Hearing anzelueden. Dat ass awer nach nogeholl ginn. An där Diskussioun huet den Här Raymond Weber, dee jo ee vun deene Leit ass, déi op deem Terrain schaffen, eis vu sengem Projet Centre interdisciplinaire, deen als Schwéierpunkt d'Integratioun huet, geschwat. An dee Schwéierpunkt kann een natierlech alles integréieren, wat mat gesellschaftleche Problemer ze dinn huet.

Et huet sech an der Diskussioun an der Kommissioun erausgeschielt, dass vill Deputéierte sech d'Fro gestallt hunn: Musse mir net zu Lëtzebuerg endlech dozou kommen eng Fuerschung iwwer Lëtzebuerg oder Lëtzebuerg an d'Groussregioun am Allgemengen an am Spezifeschen iwwert déi wichteg gesellschaftlech Défiën ze instauréieren?

Mir hu souguer nach gëschter héieren, dass all Kéiers wann eng Motioun hei gestëmmt gëtt, wou gesot gëtt „invite le Gouvernement à faire faire une étude", ëmmer erëm gesot gëtt, elo musse mer an der Schwäiz oder soss wou eng Etüd iwwert d'Lëtzebuerger Mobilitéit oder d'Lëtzebuerger Sécurité sociale, oder ech weess net wat, commanditéieren. An do ass an der Kommissioun gesot ginn, dass mer zu Lëtzebuerg och schonn e puer Instituter hunn, déi aus Acquisen eraus gewuess sinn, an déi zu Déifferdeng, zu Walfer oder a Clausen schaffen. Zweetens, soll jo hei e Centre interdisciplinaire geschafe ginn, deen op engem spezifesche Punkt vun Integratioun schafft, deen awer net alles couvréiert, wat zu Lëtzebuerg néideg wär recherchéiert ze ginn.

Wann ech nëmmen all déi Daten, déi Statistike kucken, déi zu Lëtzebuerg feelen, an haaptsächlech déi Analysen, déi een aus de Statistiken an aus den Date kann zéien, da kéint ee schonn e Centre interdisciplinaire nëmmen iwwert dat schafen. Déi zweet Optioun, déi och an der Kommissioun ëmmer erëm opkomm ass: Ass et net iergendwann eng Kéier vergiess ginn zu Lëtzebuerg e Centre de recherche public iwwert d'Lëtzebuerger Gesellschaft ze schafen?

Et ass kloer, dass mir net kënne parallell zu deem heite Projet eng europäesch Universitéit maachen, an net och Centres de recherche, mir hunn awer gemengt, dass et wichteg wär, dass déi nei Uni als Optrag mat op de Wee kréich, wa se dee Centre interdisciplinaire géif schafen, deen elo de Moment provisoresch Integratioun heescht, wat awer net definitiv ass, ob een net an dee Centre interdisciplinaire, dee spezifesch iwwer sozial Wëssenschaften ass, soll e positiven Ersatz fir e Centre de recherche public iwwer Lëtzebuerg maachen.

De Statsrot seet datselwecht, ech zitéieren: «salue que dans l'Université du Luxembourg l'apport de forces intellectuelles susceptibles de jeter un œil objectif sur la société luxembourgeoise et permettant d'en questionner les structures, le fonctionnement et les valeurs comblera une lacune patente.»

Dat ass och erëm gutt gesot. Mä do kënnen natierlech bei deem Oeil objectif iwwert d'Strukturen an de Fonctionnement och e puer désagréabel Saachen erauskommen, mä ech mengen, dass mer et der Objektivitéit vum Erkenne vun der Lëtzebuerger Gesellschaft schëlleg si fir an déi dote Richtung ze goen an dofir sinn ech och frou, dass déi Motioun, déi ech preparéiert hunn an déi seet an der Substanz, dass d'Regierung, déi jo net all Afloss op d'Uni huet, mä awer e groussen Afloss, dass si soll kucken, dass innerhalb vun de Strukture vun der Uni a vun deem Centre interdisciplinaire déi Aspekter vun de Recherches pluridisciplinaires iwwer Lëtzebuerg solle berücksichtegt ginn an ech si frou, dass ech d'Ënnerschréfte vun allen an der Kommissioun vertruedene Fraktioune fir déi Motioun kritt hunn an ech wollt se hei déposéieren.

***Motion 7***

*La Chambre des Députés,*

*- saluant la finalisation du projet de loi portant création de l'Université du Luxembourg;*

*- saluant la création de centres interdisciplinaires;*

*- rappelant une motion votée unanimement par la Chambre des Députés le 12 juillet 2000 et invitant le Gouvernement à soutenir activement la mise en œuvre d'un programme de recherche pluridisciplinaire et pluriannuel sur le Luxembourg;*

*- partageant l'opinion du Conseil d'Etat qui salue que dans l'Université du Luxembourg „l'apport de forces intellectuelles susceptibles de jeter un œil objectif sur la société luxembourgeoise et permettant d'en questionner les structures, le fonctionnement et les valeurs comblera une lacune patente";*

*invite le Gouvernement*

*- à veiller, dans le cadre de son apport au fonctionnement de l'Université, que la recherche pluridisciplinaire sur le Luxembourg devienne un élément important des activités de l'Université;*

*- à soutenir l'idée que l'un des centres interdisciplinaires soit consacré entièrement ou en partie à ces programmes de recherche pluridisciplinaire sur le Luxembourg.*

*(s.) Robert Garcia, Ben Fayot, Fernand Greisen, Marco Schroell, Nelly Stein.*

En zweetleschte Punkt, deen ech nach wollt opwerfen, ass dee vun enger Kategorie vu Leit, déi oft an den Diskussioune vergiess ginn, dat sinn nämlech d'Studenten an d'Studentinnen. Et ass ganz oft, dass een ëmmer iwwert d'Recherche an iwwert d'Enseignantë schwätzt, déi jo och ganz wichteg sinn, mä d'Studenten an d'Studentinne sinn doranner vergiess.

Ech hunn an deem Gesetz nach net richteg erkannt wien déi Studenten a Studentinnen do wäerte sinn. Well et gëtt jo gesot, dass mer sollen an den nächste siwen oder 15 Joer e wesentleche Sprong no vir maachen an der Zuel vun de Studenten. Mir wëllen awer och verhënneren, dass ze vill Studenten hei zu Lëtzebuerg bleiwen an net méi an d'Ausland ginn, an do hunn ech e bësse Problemer déi Zilgrupp auszemaache vun deenen, déi herno sollen op där Universitéit beléiert ginn oder fuerschen.

Ech denken, dass et schonn zu Lëtzebuerg schwéier ass Ressortissantë vun der Première ze fannen, déi an dräi Sproochen, déi dann hei och wäerten enseignéiert ginn, nämlech däitsch, franséisch an englesch, esou fit ze sinn, dass se direkt kënnen op engem akademeschen Niveau sinn. An ech woen ze bezweifelen, ob mir vu Bitburg oder vu Saarbrécken oder vun Hettange-Grande ganz vill Studenten heihinner kréien, déi och kënnte Coursen an deenen dräi Sprooche suivéieren.

D'Alternativ wier natierlech all Coursen an den dräi Sproochen unzebidden. Do weess ech awer net, ob dann de Budget, deen d'Madame Ministerin eis presentéiert huet, géif duergoen. Also, do ass nach relativ vill Aarbecht vu Feinmechanik ze maachen, dass mer kucken, dass zwar ganz vill Studente kënne kommen, awer och dass mer kënne vun deem Atout plurilinguistique profitéieren, dass déi Studenten, déi heihinner kommen, wa se och vläicht net an allen dräi Sproochen topfit sinn, dass se awer och vun hirem Séjour zu Lëtzebuerg kënne profitéieren, fir zousätzlech zu deene fachleche Kompetenzen och en aneren Apport zu Lëtzebuerg ze loossen an och en aneren Apport bei sech mat Heem ze huelen. Ech denken do besonnesch u Studenten, déi aus net-europäesche Länner heihinner solle kommen.

E leschte Punkt, deen ech wollt kuerz uschwätzen, ass deen, dee vläicht iwwert de Projet eraus kënnt. Et ass nämlech dee vum Impakt, deen d'Universitéit hei zu Lëtzebuerg op d'Gesellschaft soll hunn. Wann een am Zuch mat de Leit schwätzt, déi soen, oh fréck, elo kréie mer och nach eng Uni op Lëtzebuerg: Wat maache mir mat enger Uni zu Lëtzebuerg?

***(Interruption)***

Et gëtt awer eng ganz staark Proportioun vun der vox populi, déi sech einfach froen: Wat kënne mir als Eenzelne mat esou enger Universitéit ufänken? An dofir war ech zum Beispill frou wéi de Raymond Weber bei eis an der Kommissioun war a gesot huet, hie géif et gutt fannen, wann aus dem Centre interdisciplinaire kéint, wann net de Centre interdisciplinaire dat selwer mécht, zumindest d'Iddi vun enger Vollekshéichschoul erauskommen, dass ee seet, mir zéien aus där Aarbecht, déi op der Universitéit gemaach gëtt, zumindest Elementer eraus, déi och engem grand public accessibel sinn.

Dat kënne professionnalisant Elementer sinn am Fong vu Weiderbildung, et kënnt awer och dat, wat ëmmer als Formation citoyenne bezeechent gëtt, déi Elementer sinn, an ech denken, dass dat awer och soll en Optrag vun der Universitéit sinn, fir e Rayonnement an der Population non-académique vu Lëtzebuerg a vun der Groussregioun ze leeschten.

Ech wëll iwwregens nach rappeléieren, dass ech virun 1999 eng Kéier eng Interpellatioun hat iwwert déi Formatioun citoyenne, also iwwert d'Vollekshéichschoul an do ass eng Motioun gestëmmt ginn, dass déi nofolgend Regierung, nämlech déi heiteg, sollt e Wäissbuch driwwer maachen a mir als Chamber sollten en Débat doriwwer virbereeden. Dat ass net geschitt an ech hoffen, dass et méiglech ass, wann net an dëser Legislaturperiod, dass awer wéinstens déi Leit, déi an der nächster Legislaturperiod heibanne sinn, nach dee Problem kënnen opgräifen, an dass et da vläicht zu engem weidere Wäissbuch kënnt, dës Kéier am Beräich vun der Formation citoyenne.

Ech wëll elo net zum Schluss nach op verschidde Problemer agoen, déi hätte kënnen dozou féieren, dass ee gesot hätt, kommt mir verschieben de Vote vun deem Gesetz op den Hierscht. Ech hunn nach déi Beispiller genannt vu Leit, déi elo net wëssen, ob se hir Reagenzglieser nach solle virun der Vakanz all bestellen, eng grouss Reserv an de Keller maachen, well se net wëssen, ob se am Hierscht zwou Signaturë fäerdeg bréngen, well déi Strukturen nach net richteg sinn. Et ass zwar och ganz witzeg, wéi mer dunn déi zwee Représentantë vum Ministère, d'Mme Faber an den Här Dondelinger, gefrot hunn, ob se géifen domat rechnen, dass dat géif sechs bis aacht Méint dauere bis se e Rektor oder eng Rektorin géife fannen, well et war am Ufank e bëssen am Gespréich, dass dat net esou einfach wär, dunn hunn se sech verschwöreresch ugegrinst an dunn hu mer scho geduecht, et ka vläicht net méi esou laang dauere bis e Rektor vläicht am Hierscht genannt ass, an dass dann déi strukturell Problemer geléist sinn, déi do entstinn.

Dofir wier et awer vläicht interessant, dass een déi Fro an de Raum werft, well d'Mme Minister vläicht kann eng Äntwert dorobber ginn, ob de Ministère domadder rechent, dass de Recrutement vun der Rektorin oder vum Rektor méi séier iwwert d'Bühn geet wéi se dat nach virun e puer Méint gerechent haten, well do war an der Kommissioun gesot ginn, dass opgrond vun Annoncen am „Monde" an an der „Zeit" et kënnt ganz laang dauere bis esou Persoune géife fonnt ginn. Et wier vläicht interessant ze wëssen, ob do scho Prospektiounsaarbecht gemaach ginn ass an ob do scho Perspektive bestinn.

***(Interruption)***

Ah sou, da musst Der mer dat emol soen.

Zum Schluss, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech awer nach eng Kéier ganz kuerz op déi Proposition de loi agoen, déi den Auteur an de Rapporteur haut de Moien objektiv virgestallt huet an déi och hiren Nidderschlag an enger Motioun fonnt huet.

Ech muss natierlech elo als Spriecher vu menger Fraktioun soen, dass ech et gutt fannen, dass déi Elementer vun der europäescher Integratioun Agank fannen an dës Uni, hätt et awer als Spriecher vu menger Fraktioun besser fonnt, mir hätte kënnen och déi europäesch Uni scho virun e puer Joer méi seriö diskutéieren an op de Wee bréngen. Ech sinn iwwerzeegt, dass et ähnlech geet wéi bei anere Créneauën, déi zu Lëtzebuerg ëmmer eng gewësse Retizenz fonnt hunn, dass een awer a fënnef Joer méi verstäerkt an déi Richtung geet, fir endlech eng Nisch ze occupéieren op dem europäeschen Terrain, wou mer wierklech eegen Atouten hunn an net nëmmen déi vun der Souveränitéit oder déi vun de Buedemschätz, déi zoufälleg ënnert dem Buedem fonnt gi sinn.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, wëll ech matdeelen, dass ech trotz den Etats d'âme, déi ech mam Här Fayot a senger Fraktioun deelen, d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem historesche Projet ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut soll eent vun deene wichtegste Gesetzer vun dëser Legislaturperiod gestëmmt ginn. Engem Anachronimus gëtt domat en Enn gesat. Lëtzebuerg ass endlech am Mëttelalter ukomm, do wou an eisen Nopeschlänner déi éischt Universitéite gegrënnt gi sinn.

An deenen éischten Universitéiten huet entspriechend dem oniwwerschreitbaren Horizont vun där Zäit d'Relioun eng grouss Roll gespillt. Gläichzäiteg hunn déi Universitéiten awer och duerch hiren universalisteschen Usproch de Grondsteen geluecht, fir iwwert deen Horizont eraus kënnen ze goen.

D'Relioun vun eiser Zäit ass den Neoliberalismus. Déi Universitéit, déi mer hei um Dafsteen leien hunn an op den Numm Uni vu Lëtzebuerg deefen, ass e Kand vun hirer Zäit. An ech fäerten, dass d'Dafpättere vun hir manner am Statsrot unzesidele sinn, wéi den Här Garcia gemengt huet, mä éischter bei der FEDIL a bei der ABBL.

Mä aus Kanner gi Leit a wann d'Uni Lëtzebuerg an 20 Joer, vläicht och schonn éischter, bis grouss ginn ass, dann ass si dat wat déi Leit draus maachen, déi dann dra schaffen a léieren. An deen universalisteschen Usproch, deen eventuell duerch d'Dier erausgehäit gëtt, dee kënnt dann erëm duerch d'Fënsteren an duerch all Ritze vun deem Haus eran. Well en ass de Mënschen einfach eegen. An dann heescht et vläicht erëm eng Kéier, wéi einst im Mai: Weg mit den alten Zöpfen! An da gëtt d'Demokratiséierung vun der Uni Lëtzebuerg vläicht endlech definitiv op d'Dagesuerdnung gesat. Dann ass et eriwwer mat Mëttelalter. Da steet d'Renaissance virun der Dier. Ech hoffen et wéinstens, well ech sinn eigentlech keen Unhänger vum historeschen Determinismus.

Mä zréck zu deem Projet hei. Wann esou e wichtege Projet wéi deen heiten zur Ofstëmmung virläit, dann hätt ee sech kënnen erwaarden, Dir Dammen an Dir Hären, datt dat geschitt wier a Kollaboratioun mat alle Partner vum universitäre Milieu, Organisatioune vun Enseignanten, Studentenorganismen a Perséinlechkeeten, an zwar vun Ufank un hätt kënnen do e gudden Text ausgeschafft ginn. An net an aller Confidentialitéit, wéi elo vun engem oder zwee Fonctionnairen, ënnert der Kontroll vun hirer Ministesch.

D'Absurditéit an der Preparatiounsphas ass souguer esou wäit gaangen, dass verschidde Gewerkschaftler hu missen sech den Avant-projet erauskropen, fir iwwerhaapt kënnen sech eppes drënner virzestellen, wat mat deem Projet Uni Lëtzebuerg geplangt ass. D'CSV huet leider Jore gebraucht fir ze verstoen, datt Lëtzebuerg eng Uni braucht, an elo op eemol, ee Joer virun de Wahlen, muss hei ganz séier ofgestëmmt ginn.

***(Brouhaha général)***

Ech wëll domat…

***(Brouhaha général)***

Ech kommen nach dozou, Madame Stein. Ech wëll domadder awer näischt soen, Madame Stein - dat hat ech souwisou hei stoen, net well Der elo eppes gesot hutt - iwwert déi Aarbecht, déi menger Meenung no awer ganz gutt ënnert der kompetenter a virun allem sympathescher Leedung vun der Madame Stein an hirer Kommissioun do gemaach ginn ass.

Plusieurs voix.- Ah! Très bien.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech wëll näischt géint déi Aarbecht do soen, selbstverständlech, well déi, mengen ech, esou wäit ech dat vu bausse konnt verfollegen, ass ganz seriö verlaf an a ganz villen intensiven Aarbechtssitzungen. Mä virdrun hätt misse méi eng breet Kollaboratioun vun alle betraffene Kreesser geschéien.

***(Interruptions)***

Et ass also net nëmmen déi Aart a Weis wéi dee Projet hei zu Stane komm ass, mä och den Inhalt vun deem Projet hei, dee menger Meenung no awer bedenklech ass. Op enger Konferenz huet en héije Fonctionnaire vum Ministère emol gesot: «60% des fonds de l'enseignement supérieur sont engloutis dans l'enseignement pour des jeunes de 18 à 22 ans». Mä vläicht gi jo och gewësse Gedankespiller gemaach fir sech eng Uni ouni Studenten oder op d'mannst ouni de Gros vun de Studente virzestellen, well deeselwechte Beamten huet och nach deklaréiert: «L'ère de la démocratisation universitaire est derrière nous.» Dovunner muss een och emol Akt huelen.

Am Joer 2000 am Livre blanc vum Enseignement supérieur gouf jo och schonn de Kader dofir geschafen. «L'enseignement supérieur», heescht et doranner, «devient une activité commerciale où il se crée un marché de l'enseignement supérieur sujet aux règles de la concurrence».

Domadder misst och eigentlech Lëtzebuerg keng gréisser Problemer hunn, well elo jo de Stat nëmmen zu 7,4% an d'Recherche an an d'Développementer investéiert, géint eng europäesch Moyenne vu 34,5%, och wa sech als Zil gesat gëtt bis zum Joer 2010 déi Kreditter an d'Luucht ze setzen. Allerdéngs mussen anscheinend zwee Drëttel dovunner aus dem private Secteur kommen. Do muss ee sech natierlech d'Fro stellen, wou déi öffentlech Souveränitéit bleift wat d'Recherche ubelaangt, an op Dauer kann dat jo nëmmen dozou féieren, dass nëmmen déi Recherchë finanzéiert ginn, déi och lukrativ sech fir eng gewësse Kategorie vu Leit an Zukunft erweise wäerten.

Här President, ech si prinzipiell der Meenung, dass déi Uni hei ganz aneschters misst op d'Atoutë vu Lëtzebuerg agoen. Lëtzebuerg bitt duerch seng geographesch Situatioun tëschent dem germaneschen an dem romanesche Sproocheraum, duerch seng kosmospolitesch a multikulturell demographesch Zesummesetzung, duerch seng linguistesch Spezifissitéiten, duerch seng Geschicht an där et nach vill ze bëakere gëtt, an duerch seng Verankerung am Häerz vun Europa e fantasteschen Nährbuedem, am Fong geholl, fir déi sozial an human Wëssenschaften a fir de Studium vun de Sproochen och zum Beispill. Den André Roux an de Guy Scoffoni schreiwen an hirer Etüd iwwert de Rôle de l'Etat au Luxembourg Folgendes: «La recherche en sciences sociales apparaît cependant comme le parent pauvre des projets de développement en cours de la recherche au Luxembourg.»

Mat enger Uni, déi sech vill ze vill, wéinstens nodeem wat een elo kann agesinn, op d'Finanzen, den Droit an d'Ekonomie konzentréiert, wäerten déi human Wëssenschaften sech kaum entfale kënnen. Zum Beispill gëtt och Pedagogik net als eng prioritär Achs unerkannt, menger Meenung no, an deem Projet hei. Dobäi gëtt et zu Lëtzebuerg e Jorzéngten ale Problem an der Schoul opgrond vu sozialer Diskriminatioun, déi meeschtens och mat sproochleche Problemer verbonnen ass. Do wier et ubruecht an héchstdringlech, fir d'Recherche an deen Domän ze entwéckelen.

Fir déi Moyenë fënnt een natierlech keng privat Ënnerstëtzung. Mä et wier awer eng Investitioun à long terme an d'Zukunft vum Land, an d'Zukunft vun eiser Educatioun an et wier souguer vläicht méiglech nei pedagogesch Mëttelen op esou eng Manéier ze entwéckelen. An dat géif sech dann och op d'national Ekonomie auswierken, well et erlabe géif méi Kanner besser Chancen duerch d'Schoul ze ginn, déi spéiderhi wahrscheinlech dann och studéiere géife goen. An dass grouss Deeler vun de Jugendleche studéiere wëllen, dat huet eng rezent Etüd erginn. Esou awer gëtt näischt Wesentleches un där bestehender an als ongenügend erkanntener pedagogescher Ausbildung geännert. Et bleift bei deenen dräi Joer, déi och de Moment um ISERP enseignéiert ginn, an dat ass wierklech menger Meenung no e grousse Mangel vun deem Projet hei, an ech froe mech wat fir Interessen do derhannert stinn.

D'Uni soll sech anscheinend virrangeg op den Terrain konzentréieren, wou sech souwisou schonn hei am Land villes konzentréiert, d'Banken. Ech wëll net hei e Katastrophismus maachen, mä et kéint jo awer sinn, dass d'Bankeplaz emol eng Kéier an Zukunft net méi déiselwecht Roll spillt wéi haut, an da géife mer et nach vläicht batter bereien net méi ambitiéis hei gewiescht ze sinn an net méi op aner Fächer gesat ze hunn.

Niewent deene pedagogesche Fächer misst een iwwregens och vill méi Wäert leeën op déi technesch a wëssenschaftlech Ausbildung. Déi misst nach vill méi ausgebaut ginn, obschonn ech awer och natierlech weess, dass et do och scho gutt Usätz hei am Land ginn.

Ech froe mech och, ob d'Struktur vun den Diplomer selwer net ze vill kuerzfristegen Interessen entsprécht, andeem zum Beispill e Cycle court vun dräi Joer agefouert gëtt, andeem zum Beispill d'Diplomer a professionnalisant, dat ass dann déi ënnescht Kategorie wahrscheinlech, an an akademesch, dat ass dann d'Elite, agedeelt ginn.

Des Weidere mengen ech och, dass déi Précarisatioun, de private Statut vun den Enseignants chercheurs, deen hei agefouert gëtt, net richteg ass. E gëtt begrënnt mam internationale Charakter vun den Aktivitéite vun der Uni. Ech fannen dat Argument awer relativ schwaach. Dat seet iwwregens och de Statsrot, well d'Majoritéit vum Unispersonal an eisen Nopeschlänner an der Fonction publique ass an déi Länner haten och ëmmer international Aktivitéiten. Dat huet menger Meenung no näischt mam Statut vum Personal ze dinn. Am Géigendeel mengen ech, datt dee private Statut sech éischter zu Ongonschte vum Enseignement a vun der Recherche wäert auswierken, an ech mengen och, dass Flexibilitéit a Performance och am öffentleche Secteur méiglech sinn.

De Charakter vun dësem Projet weist sech och am Ëmgank mat de Studenten. D'Schafung vun der Uni soll jo dozou bäidroen, deen am europäesche Verglach niddregen Taux vun Héichschoulabsolventen zu Lëtzebuerg ze erhéijen. An ech fannen dat och ganz richteg, well menger Meenung no ass och den Ënnerscheed tëschent enger moderner an enger archaescher Uni deen, datt eng modern Uni méiglechst oppen an demokratesch ass, an eng archaesch nëmme fir eng Minoritéit vun der Bevölkerung zougänglech ass.

Ech fannen och, eng Uni muss e Service public sinn, dat heescht si muss gratis sinn, fir sécher ze stellen, dass d'Finanze vum Student kee Selektiounskritär kënne sinn. Dat seet iwwregens och d'Etüd iwwert de Stat, déi ech elo virdrun zitéiert hunn. Kaum ass d'Tënt awer drësche mat där se gedréckt ginn

ass, ass déi Etüd schonn, wéinstens wat d'Uni Lëtzebuerg ugeet, Makulatur.

Ech hunn also den Androck, dass dee Projet hei eendeiteg a Richtung Eliteschoul steiert, net a Richtung breet demokratesch Schoul, wéi se awer de Bedürfnisser vun de jonke Leit vun haut géif entspriechen. E gesäit zum Beispill Admissiounen sur dossier vir. En Diplom eleng muss also an Zukunft net onbedéngt duergoe fir an déi Schoul opgeholl ze ginn. E gesäit Aschreiwungsgebühre vir. De Montant ass zwar net festgeluecht, mä wat feststeet ass, dass d'Uni zu 20% soll iwwert de Wee vun deene Gebühre finanzéiert ginn. Zum Vergläich, d'Luxembourg School of Finance, déi jo anscheinend schonn an d'Université de Luxembourg integréiert ass, obschonn dat Gesetz hei nach guer net gestëmmt ass, freet, esou wäit ech informéiert sinn, ech hunn dat emol héieren, 17.500 Euro Aschreiwungsgebühren d'Joer. Dat si 700.000 Frang.

Dir Dammen an Dir Hären, eis Nopeschlänner hu während Jorzéngten, scho bal Jorhonnerten, onentgeltlech eis Studentinnen a Studenten opgeholl, se an hir Sécurité sociale ageschriwwen a se zu staatlech subventionéierte Wunnengen, Studentewunnengen, zougelooss. Haut nach maachen all Joer Dosende vun erwuessene Leit hir Première zu Metz no, zum Beispill, wou zu Lëtzebuerg absolut näischt an där Richtung besteet. Dofir ass deen elitäre Projet hei och menger Meenung no e Schlag an d'Gesiicht vun deene Länner ronderëm eis, wou de Secteur public ëmmer eng dominant a regulativ sozial Roll gespillt huet. Sollen si da weider zoustänneg si fir déi allgemeng Héichschoulausbildung fir déi Leit, déi net hei zougelooss ginn, a mir picken eis just d'Korinthen aus dem Kuch?

E Kennzeeche vun der Uni Lëtzebuerg soll och d'Mobilitéit vun hire Studente sinn. Dat ass vill kritiséiert ginn. Bei all deenen Argumenter, déi do dergéint gebraucht gi sinn, muss een awer och soen, als weidert Argument, dass déi Obligatioun, net de Choix, mä d'Obligatioun d'Land ze verloosse fir ee Joer an deem Sënn och schlecht ass, well ee jo net däerf vergiessen, dass vill Studenten eng Aarbecht hei zu Lëtzebuerg hunn oder eng Famill hei zu Lëtzebuerg hunn.

Weider hätte mer léiwer eng komplett Uni gesinn, haaptsächlech op engem Site konzentréiert, mat där ganzer Atmosphär, mat engem richtegen Unisliewen. Nieft dem demokrateschen Aspekt, also wat den Zougank ugeet, wëll ech awer och nach e puer Saache soen iwwert déi demokratesch Strukturen, déi hei geschafen oder net geschafe ginn.

Et gëtt zwar am Projet behaapt d'Université de Luxembourg géif vun der Autonomie profitéieren. Ech hunn am Dictionnaire nogekuckt, wat dat d'Wuert Autonomie dann elo wierklech heescht, dat ass Liberté de se gouverner soi-même. Ech fannen, dass dee Projet hei an eng Géigerichtung geet, Dir Dammen an Dir Hären. Do gëtt zum Beispill e Conseil de gouvernance vun der Regierung agesat, deen aus externe Persoune besteet, Leit also, déi net am alldeegleche Liewe vun der Uni dra sinn, vläicht awer an engem aneren alldeegleche Liewen, wou méi d'Affären oder de Boursicotage eng Roll spillen, ech weess jo net wéi dee Conseil an Zukunft wäert zesummegesat sinn. Dat ass awer dee Conseil, deen déi wichteg an déi grouss politesch a strategesch Richtlinne vun der Uni Lëtzebuerg zesumme mat der Regierung an Zukunft wäert festleeën.

E Vertrieder vun den Enseignanten an ee vun de Studente sinn zwar an deem Conseil virgesinn, allerdéngs hunn se do nëmmen eng Voix consultative. Déi konkret alldeeglech Gestioun vun der Uni soll assuréiert gi vun engem Recteur, dee quasi diktatorial Kompetenzen huet. De Statsrot huet dat och net ofgeschaf. Här Garcia, wéi hat Dir e genannt?

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).*- Den Hannibal.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Den Hannibal Raptor, oder wéi?

***(Interruption)***

Rektor? Raptor, géif ech éischter soen.

***(Hilarité)***

Also an der Universitéit vu Lëtzebuerg gëtt et kaum demokratesch Géigegewiichter dozou. Et gëtt wuel e Conseil universitaire, wou all d'Komponente vun der Uni sollen dra vertratt sinn, anscheinend elo besser nodeem verschidde Reklamatioune vun de Studenten a vun de Leit, déi do schaffen, komm sinn, mä ech froe mech wat eng besser Vertriedung bréngt, wann dee Conseil am Fong geholl awer nëmme konsultativ Kompetenze behale soll.

Déi Leit kënnen Avisen ofginn, si kënnen och Projete virschloen, dobäi bleift et awer. Et huet een den Androck, wéi wann d'Auteurë vum Projet souwuel den Enseignantë wéi de Chercheuren, dem Personnel administratif, technique et scientifique an de Studenten déi Fäegkeet ofschwätze wéilte matzebestëmmen, wat an där Uni soll geschéien an där si awer an Zukunft Dag fir Dag musse schaffen oder an d'Schoul goen.

Ech wäert trotzdeem net mat Nee bei deem Projet hei stëmmen, well ech och fannen, dass dat heiten en historesche Moment ass, dass déi Uni do iwwerhaapt geschafe gëtt. Fir deem Ausdrock ze ginn, wëll ech also op jidde Fall net mat Nee stëmmen. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir wieren elo um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Moien ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtteg um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 12.58 heures)***

# JEUDI, 17 JUILLET 2003 — 75E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Jean Asselborn, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. 5059 - Projet de loi
   1) portant création de l'Université du Luxembourg;
   2) modifiant la loi du 31 mai 1999 portant création d'un fonds national de la recherche dans le secteur public;
   3) abrogeant la loi du 11 août 1996 portant réforme de l'enseignement supérieur;
   4) modifiant la loi du 6 août 1990 portant organisation des études éducatives et sociales;
   5) modifiant la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;
   6) modifiant la loi du 6 septembre 1983 portant
   a) réforme de la formation des instituteurs,
   b) création d'un Institut Supérieur d'Etudes et de Recherches Pédagogiques et
   c) modification de l'organisation de l'éducation préscolaire et primaire;
   7) modifiant la loi du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu (suite)

   4540 - Proposition de loi autorisant le gouvernement à créer
   1. l'établissement public "Université européenne Terres Rouges" et
   2. autorisant cet établissement public à participer comme membre fondateur au groupement européen d'intérêt économique "Campus universitaire européen Terres Rouges" à Esch-sur-Alzette (suite)

   *(Discussion générale - suite - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motions - Votes)*
2. 5130 - Projet de loi modifiant le chapitre V "Relations avec les prestataires de soins" du livre Ier du Code des assurances sociales

   *(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motions - Votes)*
3. Discours de M. le Président
4. Demandes en naturalisation

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mme Erna Hennicot-Schoepges, MM. Henri Grethen et Carlo Wagner, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

M. le Président.- D'Sëtzung ass op.

Mir fuere weider mat der Diskussioun vum Projet de loi 5059 iwwert d'Universitéit vu Lëtzebuerg zesumme mat der Proposition de loi 4540 iwwert d'Schafung vun engem Etablissement public «Université européenne Terres Rouges». Et sinn nach ageschriwwen: d'Madame Mady Delvaux-Stehres an d'Hären Alexandre Krieps a Xavier Bettel. D'Wuert huet elo d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

1. 5059 - Projet de loi

1) portant création de l'Université du Luxembourg;

2) modifiant la loi du 31 mai 1999 portant création d'un fonds national de la recherche dans le secteur public;

3) abrogeant la loi du 11 août 1996 portant réforme de l'enseignement supérieur;

4) modifiant la loi du 6 août 1990 portant organisation des études éducatives et sociales;

5) modifiant la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;

6) modifiant la loi du 6 septembre 1983 portant

a) réforme de la formation des instituteurs,

b) création d'un Institut Supérieur d'Etudes et de Recherches Pédagogiques et

c) modification de l'organisation de l'éducation préscolaire et primaire;

7) modifiant la loi du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu (suite)

4540 - Proposition de loi autorisant le gouvernement à créer

1. l'établissement public „Université européenne Terres Rouges“ et

2. autorisant cet établissement public à participer comme membre fondateur au groupement européen d'intérêt économique „Campus universitaire européen Terres Rouges“ à Esch-sur-Alzette (suite)

***Discussion générale (suite)***

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Interventioun, déi fügt sech an an dat, wat den Här Fayot de Moien am Numm vun der LSAP gesot huet. Ech brauch dat also net ze widderhuelen. Hien huet déi grouss Froe behandelt an ech behandelen déi kleng Froen.

***(Hilarité)***

Dat ass Aarbechtsopdeelung. Ech kann lech awer berouegen, et ass alles zesummen ofgeschwat, och déi Motiounen, déi den Här Fayot de Moien ofginn huet. Et si siwe Punkten, fir déi déi sech wëllen astellen op d'Längt vun der Ried. Si sinn allerdéngs vun enger ënnerschiddlecher Gewiichtung.

Deen éischte Punkt ass dee vun der Mobilitéit, wou ech nach eng Kéier wëll widderhuelen, dass mir als Sozialisten ëmmer fir d'Mobilitéit vun de Studente plädéiert hunn, an elo wou se europawäit prônéiert a promouvéiert gëtt, ass et sécher net fir drop ze verzichten. Allerdéngs ware mir ëmmer fir eng fräiwëlleg Mobilitéit vun de Studenten, déi sollt vum Stat begleet an encouragéiert ginn, an net fir déi obligatoresch Mobilitéit, wéi se elo hei am Gesetz virgesinn ass.

Ech fannen iwwregens déi Diskussioun ëm d'Mobilitéit ganz interessant an och opschlossräich, well laang ass jo behaapt ginn zu Lëtzebuerg, mir wëllten op kee Fall eng Uni, well et wär gutt wann eis jonk Elite an d'Ausland géif goen, fir do de Wand vun der grousser Welt ze erliewen. Dat ass jo och net falsch. Dat ass awer och nëmme bedéngt richteg, well deemno wou ee studéiert ass de Wand vun der grousser Welt jo och net esou interessant. Dat hat awer zur Konsequenz, dass ganz vill jonk Leit sech net konnten en Unisstudium leeschten, oder jiddefalls laang net, a mir hu jo och nach ëmmer haut en niddrege Prozentsaz vun Universitären hei zu Lëtzebuerg.

Elo ass eng nei Asiicht komm a mir brauchen eng Uni zu Lëtzebuerg. Ech wëll d'Ursaachen net alleguerten nach eng Kéier widderhuelen, déi si jo de Moien opgezielt ginn. Si stinn an all den Avisen an am Exposé des motifs. Mä dann traue mer eis där Saach awer net esou richteg a mir soen, déiselwecht Leit, déi virdru géint eng Uni waren, déi soen elo, eis Studenten mussen awer an d'Ausland geschéckt ginn, fir dass se dee Wand do mat kréien.

Ech froe mech heiansdo, ob mer eigentlech e Minderwäertegkeetskomplex hei zu Lëtzebuerg hunn an eis et net richteg zoutrauen, dass mer dat géife fäerdeg bréngen fir eng Uni opzebauen. Ech wëll elo awer keng Psychologie maachen, eigentlech just op d'Formulatioun vun deem Artikel agoen, deen eiser Meenung no iwwert dat gesichtent Zil eraus geet, well dee jo zréckbehält, dass all déi Leit, déi zu Lëtzebuerg e Bachelor maachen, eng obligatoresch Period vun Auslandséjour mussen hunn, ouni op där anerer Säit ze präziséiere wéi laang déi Period kann oder muss sinn. Dat kënnt à la limite duergoe mat engem Mount, wat awer sécher net d'Absicht ass vun deene Leit, déi d'Mobilitéit prônéieren.

De Moien ass scho vill geschwat ginn iwwert déi Problemer, déi dat opwerft fir déi bestehend Formatiounen, déi elo dräi Joer hunn an déi exklusiv hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn. Et ass sécher gutt, dass déi Formatiounen obligéiert gi sech nei ze iwwerdenken, mä ob et

sënnvoll ass an alle Fäll, och bei Formatiounen, déi zum Beispill elo ganz rezent nei gemaach gi sinn, an ech denken do u verschidde Formatiounen um IST, ob et do sënnvoll ass déi ze obligéieren alleguerten hir Leit während enger Zäit an eng auslännesch Institutioun ze schécken, dat fanne mir iwwerdriwwen. Et ass eigentlech komesch, dass mer engersäits der Uni esou eng grouss Fräiheet ginn an hir dann awer esou ganz rigid Virlage ginn, déi et deene Leit, déi d'Formatioun mussen organiséieren, ganz schwéier mécht. Et si scho vill Problemer nei Konzepter ze fannen, an dëst wäert et nach méi schwéier maachen fir déi Konzepter dann ëmzesetzen.

Deen zweete Problem, deen ech an der Fro vun der Mobilitéit gesinn, dat ass dass et en erklärtent Zil vun der Uni ass, auslännesch Studenten op Lëtzebuerg unzezéien. Wat ech och e richtege Prinzip fannen. Wa mer d'Lëtzebuerger net an d'Ausland kréien, dann huele mer d'Ausland op Lëtzebuerg eran, wat och interessant ass a gutt fir d'intellektuellt Liewen a fir d'Liewe vun der Uni. Et mécht awer net vill Sënn, wa Leit aus dem Ausland heihinner kommen, déi mer dann obligéieren direkt am éischten Zyklus erëm an d'Ausland ze fueren, à moins dass déi da géifen en Diplom kréie vun zwou verschiddenen Unien. Deen Diplom hätt dann eng Valeur ajoutée, mä dat schéngt mer um Niveau Bachelor schwéier.

Den drëtte Problem ass méi eng praktesch Fro, déi déi eenzel Studenten ugeet. Fir en Diplom ze kréien, deen ee bis elo ganz zu Lëtzebuerg konnt maachen, muss een an Zukunft an d'Ausland goen. Dat verdeiert egal wéi deen Diplom. Natierlech kann een do e Mëttel fannen iwwer Boursen an Hëllefen, mä ee ganz praktesche Problem, an ech schwätzen do aus Erfahrung, et ass immens schwéier eng Studentewunneng fir dräi oder véier Méint am Ausland ze fannen, well alleguerten d'Propriétairen, an och d'Foyere fir d'Studenten, déi si vill méi interesséiert een ze hunn deen e Joer bleift, wéi een deen nëmme fir zwee oder dräi Méint dohinner kënnt.

Déi véiert Fro, déi ech an dësem Kontext wollt opwerfen, déi huet net direkt eppes mam Artikel 6 vum Gesetz ze dinn, et ass eigentlech eng ëmgedréinte Fro. Ech wollt do vun der Formatioun vun de Sproocheproffe schwätzen.

Bis elo bidde mer an de Sproochen um Cours Universitaire een oder zwee Joer un: Däitsch, Franséisch oder Englesch. An da mussen déi Studenten an d'Ausland studéiere goen, an zwar an dat Land wou se d'Sprooch studéieren. Dat ass gutt, well dann hu se eng besser Praxis vun der Sprooch. Dat dréit sécher bäi zur Qualitéit vun de Sproocheproffen hei zu Lëtzebuerg. Dat ass esou wichteg, dass mer am Gesetz stoen hunn, wann een en Diplom an där Sprooch aus engem Land huet, wou d'Sprooch net geschwat gëtt, dann däerf een zu Lëtzebuerg net Sproocheprof ginn. Dat heescht praktesch, een deen en Doktorat am Däitschen huet aus Frankräich, deen däerf zu Lëtzebuerg net Däitschprof ginn.

Elo maache mer, theoretesch du moins, d'Méiglechkeet op, dass ee ka fënnef Joer op der Universitéit Lëtzebuerg Sprooche studéiere mat enger kuerzer Période de mobilité, an da géife mir als Land wat d'Uni huet net zouloossen, dass dee mat deem Diplom an engem Lëtzebuerger Lycée kënnt enseignéieren. Ech wëll elo net hei soen, dass dat onbedéngt muss geschéien, mä d'Méiglechkeet schafe mer iwwert dat Gesetz.

Déi Froen do sinn alleguerten eigentlech net beäntwert. Si sinn net am Gesetz beäntwert a si beweisen a mengen Aen, dass d'Iddi vun der obligatorescher Mobilitéit wahrscheinlech net bis zum Enn duerchduecht ginn ass, och mat all deene gudden Absichten, déi bestanen hu fir dat an d'Gesetz anzesetzen.

Deen zweete Punkt, deen ech wollt opwerfen, dat ass dee vun deenen Diplomer, déi op der Uni ausgestallt ginn, an hire Wäert.

Am Text steet, an dat liest sech och ganz schéin, et gi Formations académiques an et gi Formations professionnalisantes. Et ass eigentlech relativ einfach sech virzestellen, wat eng Formation professionnalisante ass. Schoulmeeschter, Ingenieur si kloer Formations professionnalisantes. Ech hunn allerdéngs meng Problemer mat der Definitioun vun enger Formation académique, well déi meescht Studenten, déi déi zwee Cyclë gemaach hunn, déi ginn herno an de Beruff. Déi mannst vun hinne gi jo Chercheur. An och wann ëmmer méi Leit en Doktorat maachen, kennen ech der awer ganz vill, déi do Wierker schreiwen, déi eigentlech méi praxisbezu si wéi dass si elo an der Recherche pure wären.

Ech fannen dofir déi Diskussioun ëm „académique" a „professionnalisant" éierlech gesot e bëssen akademesch, an ech ka mech deem net esou ralliéieren, mä vu dass awer déi Optioun festgehale ginn ass am Gesetz, och aus Ursaachen déi ech deelweis verstinn, mengen ech wär et awer ganz wichteg opzepassen, dass Passerellen zwëschent där enger Formatioun an där anerer géife geschafe ginn. Ech denken, dass dee ganze Processus vu Bologne, deen de Moie laang erkläert ginn ass, et ka méi einfach maachen, an haaptsächlech de Système ECTS.

Et ass also eng Formatioun, déi a Punkten ausgedréckt gëtt, fir dass se europawäit vergläichbar ass, an net méi a Joren. An den Haaptintérêt vun deene Punkten, déi do en Diplom wäert sinn, dat ass jo, dass eng Institutioun, déi wëllt hir Diplomer unerkannt kréien, muss eng Demande maachen, fir dass se eng gewëssen Zuel vu Punkte kritt. Fir dass si déi ka kréien, muss se dokumentéiere wat enseignéiert gëtt, de Programm an d'Qualitéit dovunner. Ech mengen, dass dat also bäidréit zur Qualitéit an dass dat och e gewëssen Niveau vun der Formatioun garantéiert.

Ech fannen dat eng interessant Perspektiv an ech wëllt hei och een Niewepunkt domadder illustréieren. Ech mengen, dass et immens wichteg wier fir zum Beispill de Stage pédagogique vun de Proffe vum Secondaire, dee jo am Département vun de Sciences de l'éducation, huelen ech un, ugesiedelt gëtt an deen de Moment reng professionnalisant ass, wou keng ECTS-Punkten drop stinn, an ech géif dann en Appel maachen, dass déi responsabel awer déi ECTS-Punkten do ufroen, fir dass Perspektiven opgi fir déi Leit, déi hei am Stage waren a vill theoretesche Bagage matkritt hunn, dass dat awer géif eventuell als Equivalent vun engem DEA unerkannt ginn, dass domat d'Entrée an en Doktorat fir déi géif méi einfach ginn.

Dat also fir ze soen, dass ech dee Processus de Bologne eigentlech positiv fannen. Allerdéngs ass dee Prozess eréischt am Ufank. Mir brauchen nach vill Zäit bis en an alle Länner duerchgesat ass, net nëmme verbal, mä och praktesch. An et sinn esouguer Leit déi behaapten, e Land wéi Frankräich géif sech deem ni ënnerleeën, déi géifen net op hir Maîtrise mat véier Joer verzichten, an et muss ee jo éierlech soen, mir hunn och Problemer, net wat d'Formatioun ugeet, mä wat den Accès zum Beruff ugeet. Eis ganz Fonction publique ass dorobber opgebaut, dass een e Bac+4 huet an net e Bac+3 an e Bac+5. Dat stellt also och d'Lëtzebuerger Gesetzgeber viru Problemer.

Aner Leit soen awer, dass wann ee seet e Bachelor, dat sinn dräi Joer, an e Master, dat sinn der fënnef, dass een dat eigentlech ze enk géif interpretéieren, a Bologna géif Mindeststandarde festsetzen. Dat heescht, e Bachelor si minimal 180 Kreditter, kënnen der awer och méi sinn. Zum Beispill kënnen et der 240 sinn.

D'Formulatioun vun eisem Artikel 6 schwätzt sech net doriwwer aus. Si seet, dass deen éischten an zweete Cycle zesumme fënnef Joer hunn. Si seet net wéi laang de Bachelor ass.

Jiddefalls stellen ech fest, dass mir eis also net iwwert de Bachelor ausschwätzen. Mir soen, mir sinn d'accord mam Bachelor, mä mir preziséieren net wéi laang. Sinn dat dräi Joer oder méi Joren? Et ass awer net esou dass d'Politik sech kënnt do eraushalen. Éischtens gëtt all Diplom iwwer e Règlement grand-ducal festgeluecht, suite vun deenen Amendementer wéinst de konstitutionnelle Bedenke vum Conseil d'Etat. Zweetens gëtt e Kontrakt zwëschent der Uni an dem Ministère ausgehandelt, wou jo d'Programmer, d'Enseignementer festgeluecht ginn. An drëttens ass jo mat engem Diplom den Accès zum Beruff nach ëmmer net geregelt. D'Chamber muss sech herno an engem Gesetz awer iwwert den Accès zum Beruff ausschwätzen.

Wann also dat Gesetz sech net festleet prinzipiell op d'Durée vum Bachelor, da kann et awer net esou sinn dass dat eis näischt méi ugeet. An do kënnt dann déi éischt Fro. Ech froe mech ob et richteg ass, wéinst der Ästhetik vum Prinzip, op bewäerten Titelen ze verzichten, wéi zum Beispill - ech mengen den Här Greisen hat de Moie laang dovunner geschwat - dee vum Ingénieur industriel. Dat ass eng Formatioun, déi um IST relativ nei ugebuede gëtt. Deen Ingenieurtitel ass och unerkannt a mir mengen, et wier gutt iwwert de klassesche Bachelor eraus ee Joer, eventuell wann et e Bachelor 3 ass, drun ze hänken, fir den Ingénieur industriel nach ëmmer ze erméiglechen, an eng vun deene Motiounen, déi den Här Fayot ofginn huet de Moien, beschäftegt sech mat där Fro.

Déi zweet Fro an deem Kontext, an dat ass mäin drëtte Punkt, ass d'Formatioun vun de Schoulmeeschteren a Léierinnen. Dat wat mer wëssen nom Gesetz, dat ass dass et vun der Rentrée 2004 un, dat ass also net esou wäit ewech, eng nei Formatioun gëtt fir Schoulmeeschteren a Léierinnen, primaire a préscolaire, a mir wëssen och, well dat am Exposé des motifs steet, dass déi Formatioun e Minimum vun 180 ECTS-Punkte wäert kréien. Wat ass et dann? Méi steet net am Gesetz. Do bleiwen awer da ganz vill Froen, iwwert d'Dauer vun de Studien, awer och iwwert den Inhalt vun de Studien. Hei am Haus ass vill bei de PISA-Debatten iwwert d'Wichtegkeet vun der gudder Ausbildung vun de Schoulmeeschteren a Léierinne geschwat ginn. Elo gëtt dës Formatioun geännert an an der politescher Welt weess eigentlech kee wéi. Den Här Garcia huet de Moie gesot, et wier Zäit iwwer e Quantesprong och an där Formatioun nozedenken, mä wa mer dat d'nächst Joer sollen ufänken zu Lëtzebuerg, da géif et awer elo héich Zäit ginn, dass mer eis doriwwer géifen énnerhalen. Do ginn et natierlech Problemer.

De Ministère vum Enseignement supérieur këmmert sech ëm d'Uni. Deen huet awer keng Kompetenz iwwer e Recht vun de Schoulen, net iwwert d'Primärschoul, net iwwert d'Lycéeën. Dee kann also net e Profil vum Schoulmeeschter a vun der Léierin festleeën. De Ministère vun der Education nationale huet d'Kompetenz iwwert d'Primärschoulen an de Secondaire, ass awer net zoustänneg fir d'Uni, an deen huet sech bis elo vornehm ausgeschwiegen iwwert deen dote Sujet.

Éierlech gesot, ech fannen dat net seriö, an ech géif mengen dass et Zäit gëtt, dass mer prezis Indikatioune géifen zu dëser Fro kréien. Wou gëtt de Schwéierpunkt vun der Ausbildung geluecht? Ass dat Allgemengwëssen, gëtt et Fachwëssen, ass et méi pedagogesch, ass et méi theoretesch, ass et méi praktesch oder ass et e bësse vun allem? Wou ass dat Konzept vun der Regierung dozou?

Ech weess, dass déi Fro vill diskutéiert gëtt, an Aarbechtsgruppen, zesumme mat Expären, um ISERP. Ech hunn och zimlech prezis Virstellungen doriwwer. Fir mech ass e Schoulmeeschter nämlech net e Wëssensvermëttler, mä et ass e Pedagog, an dat heescht een dee weess, fir dass e Schüler iwwerhaapt ka léieren, muss en an eng Situatioun versat ginn, dass en och wëllt léieren. Et ass een, deen also seng Schüler ka begleeden a motivéieren. Et ass een, dee kann op déi Persoun agoen, deen d'Schwieregkeeten, d'Problemer an d'Stäerkte vun engem Schüler, vun engem Kand erkennt. Et ass een, dee kann am Team schaffe mat all deenen anere Leit, déi sech ëm d'Kanner këmmeren. Et ass een, deen op genuch ass a sécher genuch ass fir mat den Elteren och kënnen ze schwätze wann et Problemer gëtt.

Ech wëll elo net alles opzielen, mä jiddefalls ass et e ganz komplext Beruffsbild, wéi all déi Beruffer, wou d'Aarbecht net un der direkter Produktivitéit gemooss gëtt, mä eigentlech all déi Beruffer, wou een eng Influenz op aner Persounen am positive Sënn wëllt huelen, dat heescht e Kand zum Léieren ze bréngen. Am Fachjargon gëtt dat da genannt e reflektéierende Praktiker. Dat heescht, een dee genuch theroretesche Bagage huet, fir dee mat a seng Praxis eranzehuelen, awer deen och seng Praxis gebraucht fir säin theoretescht Wëssen.

Mä ech weess awer net op dat d'Vuë vum Ministère vun der Education nationale sinn, an ech géif mengen et wier Zäit dass dee Ministère sech géif zu dëser Fro äusseren.

Eng supplementar Schwieregkeet vun der Formatioun vun de Schoulmeeschteren an de Léierinnen an enger Universitéit, déi jo oft akademesch orientéiert ass, dat ass dass d'Formatioun vun de Schoulmeeschteren a Léierinnen, awer och vun den zukünftege Proffen, en Zesummespill vun theoretescher a praktescher Ausbildung verlaangt. Also brauche mer d'Zesummenaarbecht vun den Theoretiker, dat heescht Proffen, déi an der Uni sinn, an de Praktiker, dat heescht d'Schoulmeeschteren an d'Proffen, déi am Lycée sinn. An dat ass e richtegen Défi fir déi ze organiséieren, an da kënnt dobäi dass mer zu Lëtzebuerg eng ganz komplex Sproochesituatioun hunn. Et ginn am Ausland keng Recetten, déi eis soe wéi een dann am beschte mat deene Froen do alleguerten eens gëtt.

Dofir si mer als LSAP der Meenung, dass et absolut justifiéiert ass fir d'Formatioun vun de Schoulmeeschtere mat 240 Punkten unzesetzen, à condition dass den Inhalt vun der Formatioun deem och entsprécht. Ech kann hei net op all d'Aspekter vun der Formatioun agoen. Ech wëll just ee Wuert soe wat mir perséinlech terribel um Häerz läit. Mir hätte jo gär Passerellen an et muss och méiglech sinn, dass een als Schoulmeeschter mat engem Bachelor professionnalisant kann herno e Master maachen, dee jo da méi académique ass.

Ech ka mer net virstellen, dass een en héich diploméierte Pedagog gëtt, wann een net och eng Praxis huet. Et kann net esou sinn, dass ee fënnef Joer op der Uni ass an dann ass ee Professer an der Pedagogik, ouni jee Schoul gehalen ze hunn. Ech mengen also, dass een do misst schonn e va et vient tëschent der Praxis an der Theorie aleeden, a besonnesch an deem do Secteur schéngt dat mer ganz wichteg.

An da wëll ech hei eng Klammer opmaachen. Dat wat richteg ass fir d'Enseignanten, mengen ech, ass eigentlech fir all Beruff richteg. Dat heescht, dass ee ka wiesselen tëschent Praxis an heiansdo erëm sech en theoretesche Bagage zouleeën. An dat ass jo och d'Iddi vum lifelong-learning an ech mengen an ech hoffen, dass d'Universitéit Lëtzebuerg och eng Chance gëtt an eng Plaz gëtt, wou ee kann net nëmmen als Citoyen, mä och als Individu lifelong-learning praktizéieren. Ech freeë mech jiddefalls dorobber, dass ech dat eng Kéier kann.

Mir hunn opgepasst als Chamber, dass den Accès zu deene verschiddene Formatiounen op der Uni och kann op si fir Leit, déi elo net all Virdiplomer musse maachen. Wat net heescht dass herno d'Diplomer bradéiert ginn. Fir en Diplom ze kréien, muss ee jo e gewëssenen Niveau kënnen erreechen, an dee muss och certifiéiert ginn. Mä et muss awer net sinn, dass een all Joer mühseeleg muss nomaache fir kënnen zu enger Formatioun an engem Diplom zougelooss ze ginn. Dat heescht also, dass mer och eng Validation des acquis professionnels an dat Gesetz hei ageschriwwen hunn. Ech fannen dat immens wichteg an ech hoffen, dass déi Responsabel vun der Uni, déi jo herno driwwer décidéieren, ob d'Dossieren an d'Uni erageholl ginn, dat och esou interpretéieren.

Mäi véierte Punkt, dat ass een deen ech net ka loossen, dat si meng Appréhensioune virun der Mise en place vun där neier Uni. Ech mengen de Choix vun der Tabula rasa oder net Tabula rasa am Unisecteur, dee kann ee gutt oder schlecht fannen. D'Gesetz gesäit jo vir dass d'Universitéit Lëtzebuerg juristesch den Nofolger ass vun all deenen Institutiounen déi ofgeschaaft ginn a se och hir Aufgabe muss iwwerhuelen. Et ass gutt dass dat am Gesetz steet. Dat ass awer menger Meenung no ganz schwiereg an der Praxis. An ech wëll elo net d'Fro stelle wéi schnell déi nei Equipe en place ass. Ech hoffen dass et schnell geet an ech hoffen dass et eng gutt Equipe ass. Mä souguer dann, da muss déi nei Equipe jo mol sech selwer organiséieren. Da muss se nei Strukture schafen, dräi Fakultéiten, ouni vun de Centres interdisciplinaires ze schwätzen. Da muss se dee Contrat pluriannuel mat der Regierung preparéieren, sech Gedanke maachen iwwer Formatiounen, iwwer nei Formatiounen, iwwer bestehend Formatiounen, déi musse geännert ginn, an da muss se en plus d'Affaires courantes géréiere vun net enger, vu véier verschidde Siten, den IST, den ISERP, de CUNLUX an dann d'Halschent, géif ech soen, vum IEES. Also ech bewonneren déi Leit, dass déi dat alles zesumme fäerdeg bréngen. Ech hat gemengt et wier besser et géif ee vläicht nach eng Hëllefstruktur intermédiaire asetzen. Dat ass net zréckgehale ginn. Ech wënschen deene Leit all Chance an ech hoffen dass et klappt. Mä mir hunn awer dozou nach eng Motioun eraginn.

Mäi fënnefte Punkt, an deen ass scho bal langweileg, dat ass dee vum Site. All Argumenter plädéiere fir ee Site. Éischtens mengen ech dass déi Uni während deenen éischte Jore relativ kleng gëtt. Mä mir kréie jo elo net eng Uni wéi Paräis oder mat all deene Beispiller déi de Moie genannt ginn, also dat baut sech jo mol lues a lues op. A fir dës Uni liewen ze dinn, en Zesummeliewen, e richtegt Studenteliewen a Proffeliewen, intellektuellt Liewen ze kréien, en Zougehéiregkeetsgefill vun de Leit zu der Uni, hätt ech gemengt wier et gutt wa se op enger Plaz wären.

Dat zweet Argument, dat ass d'Interdisciplinarité. Dat gëtt jo grouss an de Fändel vun der Uni Lëtzebuerg geschriwwen. Dat ass ee vun de Markenzeechen, dass interdisziplinar zu Lëtzebuerg an der Uni soll geschafft ginn, an ech hoffen, no allen Diskussiounen déi ech héieren hunn, dass déi Interdisciplinaritéit och wierklech zwëschent de Fakultéiten an net nëmmen innerhalb vun enger Fakultéit ass. Ech sinn nach net esou iwwerzeegt vun deene Projeten, déi bis elo esou zirkuléieren. Also ech mengen d'Zukunft läit dran, dass ee Philosophie mat Biologie, oder Informatik mat Droit, dass also iwwert d'Fakultéiten eraus interdisciplinaire organiséiert gëtt. An da mengen ech wier et méi einfach fir där Interdisciplinaritéit do och wierklech Liewen ze ginn, wann d'Leit zesummen op engem Site sinn. Ech gleewen och un d'elektronesch Kommunikatiounsmëttelen, mä näischt ersetzt ee gudde perséinleche Kontakt.

A mäin drëtt Argument, dat ass dat vun der Infrastruktur. Fir eng Uni fonctionnéieren ze doen, brauch een eng gewëssen Infrastruktur déi gemeinsam ass. An ech denken un de Restaurant universitaire, ech denken un d'Services sociaux déi eng Uni muss hunn, e Service médical, dee mer och elo nach net hunn, deen eng Uni awer normalerweis kritt, an haaptsächlech un eng Bibliothéik.

Mir hunn allgemeng Problemer mat Bibliothéiken zu Lëtzebuerg. Natierlech huet all Fakultéit eng Fachbibliothéik, Fachbicher, mä an all Bibliothéik gëtt et awer och e Stack vu gemeinsamen Encyclopédien, Dictionnairen a Säll wou ee sech kann zesummefannen, wou ee sech kann ophalen. An da gëtt et net nëmmen dat éischt Investissement, mä ech menge fir eng Unisbibliothéik ass och d'Heure d'ouverture wichteg. Dat heescht, et ass oft esou dass Studente just de Weekend Loscht hunn an d'Uni ze goen oder méi spéit owes, no de Coursen, a fir dat op dräi Siten ze multiplizéieren, dat schéngt mir awer wierklech e bëssen onméiglech ze sinn, fir dat elo mol gentil ze formuléieren.

Dofir mengen ech dass och all finanziell Argumenter géife fir ee Site plädéieren an ech ginn d'Hoffnung net op, dass mer fir eng Kéier iwwert déi normal Kierchtuermspolitik ewech kommen an net jiddferengem eppes ginn, mä dass mer eng rationell Léisung proposéieren a keng Multiplikatioun vun Infrastrukturen am Intérêt vum Fonctionnéiere vun der Uni, mä awer och am Intérêt vun de Stellewäerter, déi mer mussen an déi deier Infrastruktur investéieren, a mir hunn och eng Motioun an deem Sënn eraginn.

Ech wëllt ee Wuert soen, mir hunn eis net op e Site festgeluecht. Ech perséinlech ka mat all Site liewen, ob et an der Stad ass, am Süden oder am Norden oder am Osten. Mir mengen awer, dass zwou Konditioune wichteg sinn. Éischtens plädéiere mer derfir, dass eng Uni net ofgeschnidden ass vun all anerem Liewen. Dass de Mélange zwëschent engem Stad- oder Duerfliewen an dem Unisliewen wichteg ass an eng Beräicherung ass fir déi zwee. Déi Campusen op der grénger Wiss, dat ass eigentlech net, menge mir, d'ideal Virstellung. Déi zweet Konditioun ass, dass et e gudden Uschloss gëtt un den öffentlechen Transport, fir déi Leit, déi onregelméisseg awer do hin an hier ginn, kënnen ze transportéieren, an dofir och eng Motioun.

Mäi sechste Punkt, dee kann ech ganz kuerz maachen. Ech wëll e just ernimmen hei. Dat ass, wann déi Uni soll fonctionnéieren a wa mer auslännesch Studente wëllen heihinner kréien, mir brauche Studentewunnengen. Mir hunn elo schonn e Mangel, e schreckleche Mangel, wann ech richteg informéiert sinn, ongefeier 1.000 Wunnengen déi feelen. Ech weess, dass der elo 93 virgesi sinn um Lampertsbierg. Dat ass gutt, mä dat ass awer nëmmen eng Drëps op e Steen.

Et gëtt virgesinn am Campus Belval gréisser Studentewunnengen ze bauen. Kee weess awer, wéini se gebaut ginn. An ech perséinlech awer elo hat ëmmer d'Hoffnung, vu dass zwee Spideeler géifen an der Stad eidel ginn, dass eent dovunner kënnt benotzt gi fir Studentewunnengen hei an der Stad ze maachen, wat och e gewëssene Rajeunissement vun der Stad Lëtzebuerg géif mat sech bréngen. Vläicht kann dat sech jo awer nach maachen, ech ginn d'Suggestioun mol nach mat weider.

A mäi leschte Punkt, dat sinn d'Sozialfroen, déi net direkt eppes mam Projet ze dinn hunn, mä déi awer wichteg si fir d'Liewe vun der Uni. Wa mer auslännesch Studenten op Lëtzebuerg wëlle kréien, da kënnen der jo och aus Drëttlänner dobäi sinn. An da muss et sécher sinn, dass déi e Permis de séjour hei zu Lëtzebuerg kréien.

***(Interruption)***

Dat schéngt mer eng indispensabel Konditioun ze sinn. Da muss et menger Meenung och nach méiglech sinn, dass déi Studenten eventuell kënnen eng kleng Beschäftegung doniewent hunn. Well jiddfereen huet jo net Elteren, déi de Studium finanzéieren, an dass se kënnen Aarbechte maachen. Da brauche se och nach eventuell e Permis de travail hei zu Lëtzebuerg.

An da kann et jo mol sinn, dass ee Student aus engem Drëttland wëll zu Lëtzebuerg en Doktorat maachen. An da kann en e Kontrakt kréie fir Recherche eventuell matzemaachen. An da brauch en och nach e Permis de travail fir méi eng laang Zäit. An ech wëll deenen zoustännege Plazen an der Regierung soen, dass et awer wierklech déck Zäit gëtt, dass sech ëm déi dote Froe gekëmmert gëtt, well soss kënne mer all Ried iwwer eng international Uni zu Lëtzebuerg awer menger Meenung no vergiessen.

A mäin allerleschte Punkt, dat ass éischter e perséinlecht Uleies, mä ech mengen awer och dass et wichteg wier fir d'Uni, dat ass d'Sozialofsécherung vun de Studenten. Mir si verwinnt zu Lëtzebuerg. Mir hunn eis Studenten och verwinnt. Alleguerten d'Studenten, déi net Elteren hunn déi an der Lëtzebuerger Sécurité sociale verséchert sinn, si bis 27 Joer, wa se studéieren, coassuréiert. Dat heescht, si si krankeverséchert a si brauchen näischt dofir ze cotiséieren. Ech wëll dat do net ofschafen. Net dass ech dat elo ënnerstallt kréien. Mä déi aner Länner hunn dat net. Déi Studenten aus deenen anere Länner, déi sinn normalerweis mat 18 Joer net méi bei hiren Eltere verséchert a mussen dann an eng Mutuelle goen a sech selwer versécheren a Kotisatioune bezuele fir krankeverséchert ze sinn. A wann elo auslännesch Studenten op Lëtzebuerg kommen, da kënnen déi hir Eltere jo net matbrénge fir dass se hei coassuréiert sinn. Also muss do eng Léisung fonnt ginn, och fir d'Sozialofsécherung vun deene Studenten, déi net zu Lëtzebuerg Elteren hunn, ze léisen.

Dat ware meng siwe Punkten, Här President. Et bleift mer zum Schluss der Ministesch ze félicitéiere fir hir Obstinatioun an dësem Dossier. Ech weess net ob jiddfereen dat fäerdeg bruecht hätt.

***(Hilarité)***

An der Madame Stein als Presidentin vun eiser Kommissioun, …

Plusieurs voix.- Ah!

Mme Mady Delvaux-Stehres *(LSAP).*- …déi eis awer wierklech mat enger Engelsgedold alleguerten erdroen huet, ni d'Nerve verluer huet, ëmmer bereet war nach eng Charge op sech ze huelen an déi et och fäerdeg bruecht huet - mat deene Beamten, déi ëmmer hëllefräich zur Säit stongen -, dass mer eng gutt Aarbecht an der Kommissioun gemaach hunn, an deem Kader selbstverständlech wou et méiglech war, an dass dat och nach eng agréabel Zesummenaarbecht war. Ech wäert déi Aarbecht an der Kommissioun vermëssen, wa mer elo fäerdeg sinn.

Här President, ech si frou dass mer eng Uni zu Lëtzebuerg kréien. Ech mengen net, dass dat Gesetz hei perfekt ass, an dass, esouguer wa mer e perfekt Gesetz hätten, et nach net garantéiert wär, dass d'Uni e Succès géif ginn. Fir dass déi Entreprise e Succès gëtt, brauch et nach vill Aarbecht, vill Talent an och e bësse Chance. Ech wënschen eis dat alleguerten zesummen.

Ech soe merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. D'Wuert huet den Här Krieps.

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, genau wéi meng Fraktiounskolleege vun der demokratescher Fraktioun - Pleonasmus -, deelen ech déi pessimistesch Approche vun der sozialistescher Dagespress vun haut ganz a guer net. Dës Gesetzgebung, dat ass de Moien e puermol gesot ginn, wäert héchstwahrscheinlech eng vun deene wichtegste vun dëser Legislaturperiod bleiwen. All Hoerspléckerei hätt ons nach 100 Joer kascht, bis mer ukomm wären. Verschidde Virriedner hunn et de Moien natierlech erëm fäerdeg bruecht zugläich dergéint an dofir ze sinn. Dat ass e ganz schwieregen Exercice, zwar net esou ganz opfalend. Dir wësst jo, dass ech net beséilt si vun Enttäuschungen, Frust oder soss negative Gefiller, net ganz oft op alle Fall.

D'demokratesch Fraktioun énnerstëtzt dëse Projet. An zu dëser Gesetzesvirlag muss ech der Ministesch Hennicot-Schoepges e Luef ausspriechen, dass si mat hire Mataarbechter, der Madame Faber an dem Här Dondelinger, deen Dossier hei resolut ugepaakt huet, speziell wou dëse Projet jo net an der Regierungserklärung stong.

En zweete Luef, an d'Madame Stein ass haut schonn oft gelueft ginn, ass fir hir Gedold an der Chamberskommissioun, wouduerch et hir méiglech war déi Aarbecht hei zu engem gudden Ofschloss ze bréngen. Dat huet och hire mëndlechen a speziell fouilléierte schréftleche Rapport bewisen. D'Kommissioun selwer huet an engem ganz gudden iwwerparteileche Geescht un deem heite Projet vill Aarbecht geleescht. Wéi gutt déi Rumm schlussendlech elo ass, dat gi mer an e puer Joer eréischt gewuer. Wann d'Kriticke vun haut oder d'Onzoulänglechkeete vu muer wouer ginn, muss dëst Gesetz verbessert ginn.

Ech wëll net an d'verfassungsrechtlech Bedenke vum Statsrot a Bezuch zu der Héichschoul oder der Autonomie vun de Verfassungsprerogativen agoen. Et ass net ausgeschloss, dass et ons herno vläicht e bësse Leed doe wäert, dass mir am Virfeld vun dëser Gesetzesvirlag net Zäit hate fir déi bestehend Strukturen an déi connectéiert Strukturen e Funktiounsaudit ze maachen.

Prinzipiell deelt d'Demokratesch Partei och net d'Meenung vun der europäescher Kommissioun, dass d'Héichschoulerzéiung eng gesellschaftlech Leeschtung ass, eng Déngschtleeschtung wéi all aner, an dass de Student nëmmen e Konsument wär.

De finanziellen Zougang zu der Héichschoulbildung soll fir all Student nom Mérite an net nom Geld geséchert bleiwen. A wéi aner Virriedner de Moie scho gesot hunn, schénge mer 20% vun de Recettë vun der Uni Lëtzebuerg, wat d'Aschreiwungen ubelaangt, wéi d'Note financière dat ausweist, vill ze héich ze sinn. Net all Student vun där Uni ass an der Luxembourg School of Finance. Mir wëllen hei kloer gestallt hunn, dass dëst eng öffentlech Uni ass an net eng privat Uni.

Wann een d'Fiche financière kuckt, gesäit een, dass d'Regierung gewëllt ass, d'Obligation de moyens spillen ze loossen. Mir als Chamber, déi vill vun deene Moyens budgétaires wäerten dotéieren, erwaarden natierlech och eng Obligation de résultats, sou dass d'Chamberskommissioun gefrot huet um Lafende gehalen ze gi vum Fortschrëtt. D'Evaluatioun interne an externe, an net nëmmen déi finanziell Evaluatioun, muss regelméisseg virgeholl ginn, wat jo och am Text steet.

Eng länger Diskussioun ass et ginn iwwert d'Opportunitéit vun der Integratioun vun deenen Instituter IST, ISERP, LIASIT, Luxembourg School of Finance an dem Institut d'éducation sociale. Fir ons ass et keen Zweifel, dass dës Instituter sech an der Uni Lëtzebuerg mussen opléisen an deene respektive Fakultéiten ënnergeuerdnet musse ginn. Net glécklech ass zum Beispill d'Iddi, wéi de Gesetzestext et festhält, dass d'Luxembourg School of Finance, ënner Ëmstänn, direkt dem Rektorat ënnerstallt kënnt ginn. Dat gesinn ech als net ganz virsiichteg. Och déi Centres interdisciplinaires, déi ugesprach si ginn, kënnen net niewent de Fakultéite bestoen. Déi mussen ouni Zweifel ënnert an tëschent de Fakultéite bestoen. Et ass also wichteg, dass d'Ausféierungsbestëmmungen dës Ënneruerdnung genauestens festleeën, fir all Mëssverständnisser vu vireran aus dem Wee ze goen.

Andeem dass mir dëst froen, si mir natierlech net fir en demokrateschen Zentralismus oder géingt eng Autonomie vun deenen eenzelne Komponenten, mä mir gleewen awer guer net un d'Effizienz vun enger horizontaler Integratioun vun deenen Ënnerstrukturen, mä gleewen un d'absolut Noutwendegkeet vun enger vertikaler Integratioun, dat heescht dass eng Struktur, an an dësem Fall ass dat de Rektorat, de Flux vun den Enseignanten, Chercheuren a Studente kontrolléiert. Dofir gleewe mir och net, dass déi eenzel Ënnerstrukturen hir eege Mataarbechter nominéiere sollen. Si solle gefrot ginn, mä d'Nominatioune sollen, wéi dat zum gréissten Deel virgesinn ass, duerch de Grand-Duc oder duerch d'Rektorat virgeholl ginn, soss komme mer an eng richteg Inzuchtsituatioun.

Et ass also kloer, dass an dëser Gesetzesvirlag natierlech méi vun de Strukturen an de Fonctioune Rieds ass wéi vun de Contenuen. Déi Verantwortlech wäerte sech natierlech schnell op d'Bee setzen, fir d'Contenuen ze definéieren an op den Niveau ze bréngen. Mir däerfen nämlech net vergiessen, dass mir nëmmen eng Héichschoul si vu 4.000 an Europa. Positiv bewäerte mer den Tutorat, dee virgesinn ass. Kontrovers diskutéiert sinn déi organesch Relatioune ginn tëschent der Uni Lëtzebuerg, de Centres de recherche publics an dem Fonds national de la recherche, an och d'Relatiounen tëschent dem Stat an der Universitéit. Mir gleewen dass homogen, transparent Kontrakter tëschent den eenzelne Partien eng dauerhaft a stabil Basis schafe kënnten. Hei wäerten eng fair Approche an eng Agrenzung vun de perséinlechen Ambitiounen an Egotrippen de Garant dofir sinn, dass déi Zesummenaarbecht fonctionnéiert.

D'Demokratesch Fraktioun géif an där Perspektiv sech als Recteur eng integrativ Perséinlechkeet wënschen. Spezifesch Froen an der Recherche sinn net geléist. Speziell an der Recherche pédagogique oder an der Pédagogie sociale gesäit een nach net richteg, ob do e CRP ausgelagert gëtt oder ob dat an der Uni Lëtzebuerg bleift.

Erënnere mer nach dass, am Géigesaz zu deem wat de Moien hei behaapt ginn ass, an Europa a weltwäit manner wéi 5% vun den Entdeckungen oder vun den Innovatioune vun öffentlechen oder vu Regierungen ënnerstëtzte Centres de recherche kommen. Mir mussen also zolidd Brécke schloen zu privaten Institutiounen, déi Recherche maachen. An Europa sinn déi meescht Centres de recherche publics an Universitéite chronesch ënnerfinanzéiert. D'Recherche an d'Universitéit solle keen Zäitverdreif ginn.

De Moien ass d'Fragmentatioun vum Personnel enseignant ugesprach ginn, d'Fragmentatioun vun den Axes de recherche, d'Atomisatioun vun de Sitë vun der Uni a vun de CRPen. Mir däerfen och net vergiessen, dass vill Sloganë gebraucht gi mëttlerweil: Europe de la connaissance, Europe du savoir, Réorganisation de la connaissance. Kommt loosst eis dat alles vergiessen. D'Kreatioun vun der Uni Lëtzebuerg bréngt natierlech och mat sech, dass en amont vun der Uni onse Secondaire méi spezifesch programmatesch reformuléiert muss ginn. Ech wëll net d'Madame Delvaux dépriméieren, mä ech bedaueren, dass, faute de recrutement, am Secondaire, Horizont zéng Joer, kee Latäinprof méi am Secondaire wäert hei an dësem Land schaffen.

***(Interruption)***

Ech wënschen lech net onbedéngt, dass Der zréckgitt. Et wär awer eng elegant Léisung.

***(Hilarité)***

Eng besser a länger Ausbildung a Bildung wäerten en aval vun der Uni och materiell Fuerderungen no sech zéien, Bac+3, Bac+4, Bac+5 an esou weider mussen a wäerten honoréiert ginn, carrièreméisseg a finanziell fir all Filièren.

D'Montée en puissance vun dëser Uni Lëtzebuerg wäert progressiv sinn a weder zu enger Inflatioun vun Intelligenz nach vun Diplomer féieren. Verschidden Aspekter wéi d'Ouverture vum Corps enseignant a Studente fir Auslänner soll eis keng Angscht maachen. An der Schwäiz sinn d'Prozentsätz fir déi zwou Gruppen ëm 40%.

D'Mobilitéit bleift natierlech bluttnoutwendeg fir onst Ländchen. Déi Mobilitéit läit op den europäeschen Universitéite bei 1,5%. D'Exzellenz vun den doktorale Studië baséiert op der Exzellenz vun der Grondausbildung als Bachelor oder Master, a wéi scho gesot vum Secondaire.

Ofschléissend gleewe mir, dass all nei Uni, déi gegrënnt ginn ass, och falsch Optioune geholl huet. Mir sollen doraus léieren an eventuell Kurskorrekture schnell an d'A faassen no enger grëndlecher Analys, wann dat zoutreffe sollt.

Ech kommentéiren hei net dem Statsrot seng Positioun, wou en de Rektor verglach huet mam Roi Soleil - de Louis XIV ass vum Här Wiseler zitéiert ginn -, oder wou de Statsrot de Rektorat verglach huet mat engem Schäfferot vun enger klenger Gemeng. Ech hoffen net, dass mer esouwäit erofkommen.

***(Interruption)***

Ech schwätze vun enger klenger Gemeng, Här Di Bartolomeo. Dat ass manifestement net Är.

An eiser Multikulti-Gesellschaft, wou mer bis elo méi multi wéi kulti waren, ass et ouni Zweifel sécher, dass d'Uni Lëtzebuerg zu engem besseren Zesummeliewen an onser Gesellschaft bäidroe wäert.

Leschtlech wënsche mir all deene Verantwortlechen, ugefaange bei der Ministesch Hennicot an hire Mataarbechter, déi noutwendeg Ausféierungsbestëmmunge glécklech an haaptsächlech kloer ze faassen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll fir d'éischt der Madame Stein, eiser Presidentin, e grousse Merci soen. Et ass éierlech gemengt. D'Madame Stein huet eis Kommissioun gutt geleet. Mir hate vill Sitzungen. Mäi Merci geet och un d'Madame Faber, un den Här Dondelinger, déi vill Gedold mat eis haten. Madame Hennicot, un Iech och.

Wéi ech nach President war vun de Jong Demokraten, do hat ech ëmmer méi kritesch Avisen zur Politik am Educationsministère, mä ech muss awer soen dass d'Positioun vun der Madame Hennicot an deem heite Projet wierklech ganz korrekt war. Déi Positioun haut de Muere vum ADR hunn ech au contraire schappeg fonnt, an dann nach déi Bemierkung, déi ech gemaach kritt hunn. Ech si frou datt d'Madame Stein gesot huet, dass mer a ganz ville Punkten op eng konstruktiv Aart a Weis an der Kommissioun debattéiert a gestëmmt hunn. Wann ech den Apport vum Här Greisen hätt missen hei presentéieren, da kéint ech mech direkt nees sëtze goen.

Déi Fro, déi gestallt gëtt: Firwat eng Uni zu Lëtzebuerg? Erlaabt mer, dass ech d'Madame Hennicot zitéieren, déi haut am Jeudi gesot huet: „Les choses sont en train de changer au Luxembourg et on ne saurait échapper à cette évolution dans une société de la connaissance. Nous devons donc devenir autant producteur de savoir-faire que producteur de savoir." Ech hunn dat eng ganz gutt Äntwert op déi Fro fonnt.

All Orateur huet et scho gesot, mir hunn zu Lëtzebuerg ongeféier 7.700 Studenten, wat ee vun deenen niddregsten Tauxen a ganz Europa ass. Dat ass schonn eng Saach, firwat eng Uni zu Lëtzebuerg wichteg ass, dass och déi Zuel eropgeet. Zweetens soll ee selbstverständlech an d'Bildung investéieren, fir eis Welt kënnen esou gutt ze forméiere wéi et geet. Eng Uni zu Lëtzebuerg bréngt eis vill. Net nëmme Leit aus der Grenzregioun, mä wa mer eng gutt Uni hunn, da kommen och nach aner Leit op Lëtzebuerg, an da kënnt och e Studenteliewen op, eppes wat et bis elo net gëtt. Elo ass d'grouss Vakanz an d'Studente sinn nees zréck zu Lëtzebuerg. Et gesäit een, dass eng nei Effervescence an der Stad bei de Studenten ass.

Deen dee mengt, dass eng Uni vun haut op muer eng top Uni gëtt, do wëll ech keen enttäuschen, mä et muss een awer enger Uni Zäit loossen, fir dass se sech entwéckelt. Et ass besser, eng Uni kritt mat der Zäit e ganz gudde Ruff, wéi direkt mussen engem schlechte Ruff lass ze ginn, well dat ass vill méi schwéier.

Och hat den Här Fayot de Muere Recht wéi en zitéiert huet, dass am DP-Programm dra steet, dass mir „eine hochwertige Universität in Luxemburg wollen", an ech mengen, dass mat deem heite Projet a mat deenen Amendementer, déi dra komm sinn, eise Wonsch realiséiert gëtt.

Ech ginn op verschidde Punkten an, op déi ech schonn an der Kommissioun agaange sinn a wou ech frou sinn, dass se geännert gi sinn.

Éischte Punkt ass d'Demokratie op der Uni. Eng Uni muss liewen. Eng Uni däerf net e Rektor hunn an zwou, dräi Persounen, déi alles vun uewen erof décidéieren. D'Décisiounen, d'Zesummeliewen, alles wat mat enger Uni ze dinn huet, muss vun ënnen erop kommen.

Den Här Garcia hat an der Kommissioun gesot, mir hätten do en Diktator, an en huet nach aner Wierder gebraucht fir dem Rektor säi Pouvoir ze beschreiwen. Selbstverständlech war ech mat him averstanen, dass e Rektor e bëssen ze vill e grousse Pouvoir vis-à-vis vun deenen anere Composantë vun der Universitéit hätt. Nom Avis vum Statsrot hu mer jo och de Pouvoir vum Rektor net vläicht verkléngert, mä op jidde Fall fannen ech et wichteg, dass op enger Uni déi verschidde Composanten eppes ze soen hunn an net e Rektor eleng um laangen Hiewel sëtzt a soss keen eppes ze soen huet.

D'Madame Stein sot de Mueren, si wär ganz frou dass zwee Studenten an net nëmmen ee Student an dem Conseil universitaire däerfte sëtzen. Et ass wichteg, dass all Composantë vun enger Universitéit representéiert sinn. Dat soll net e Conseil universitaire si vu 25 oder 30 Leit, wou dräi oder véier Studenten dra sinn. Mir sinn eis eens. Déi gréissten Acteure vun enger Uni - net dass d'Proffe mech falsch verstinn - sinn zueleméisseg jo awer d'Studenten, dann d'Proffen an de Personnel administratif. Dat heescht, et kann net sinn dass ee bei 30 Leit dräi Studenten huet. Am Ufank ware méi Studenten do wéi aner Représentanten, mä et ass wichteg, dass d'Studenten och representéiert sinn op eng korrekt Aart a Weis.

En plus ass elo nach derbäi komm, dass am Conseil de gouvernance e Student kann assistéieren, och wann en nëmmen eng Voix consultative huet. Ech fannen dat ganz wichteg. Dat heescht, d'Zesummeliewen an Demokratie op dëser Universitéit ass garantéiert.

Dann e Punkt, dee mer e bësse leed deet. An der Kommissioun ware mer op de Conseil de discipline agaangen. Wann een eng fléie gelooss huet, muss dat vun der Uni sanktionéiert ginn, an dofir war e Conseil de discipline geplangt, deen hallef vu Studenten, hallef vun Enseignantë sollt besat ginn, deen dann eng Décisioun muss treffen an eng Strof fixéieren, déi e Blâme, eng Expulsioun, eng Interdiction de passer des examens ka sinn.

Leider huet de Conseil d'Etat eis do e Stréch duerch d'Rechnung gemaach a gesot, dat misst an engem Règlement intérieur festgehale ginn, an dass de Conseil universitaire elo déi Plaz soll si fir d'Contestatioune vun de Studenten.

Ech behaapten hei, dass dat eng schlecht Iddi ass, dass wann een eng fléie gelooss huet oder iergendwéi muss „jugéiert" ginn, ee virun eng Compositioun vu 24 oder 25 Leit kënnt. Dat gesäit aus wéi e Militärgeriicht, eng Cour martiale. Ech hätt et vill besser fonnt, an et kann een et jo am Reglement festschreiwen, dass de Conseil de discipline muss paritairement composéiert si vu Studenten a vum Personnel enseignant.

En anere Punkt ass dee vun der Mobilitéit vun de Studenten. Am Ufank, wéi een den Text gelies huet, hätt ee kënne mengen de Student wier nomade, en hätt keng fix Uni, en hätt misse bei all Cycle fort, ech sinn awer frou, dass ee Séjour à l'étranger geplangt ass. Ech sinn ee vun deenen, déi behaapten, dass et ganz wichteg ass, dass e Student an d'Ausland geet an dass en - huelt et elo net iwwel - eng Kéier d'Nuebelschnouer ofschneit a vun doheem eraus ass. Et soll awer kee mengen dass et eppes bréngt wann een an d'nopescht Ausland geet, op Metz oder op Tréier. Ech hu gesot kritt, et si vill Studenten am Ausland, awer dovu ginn der vill op Tréier oder op Metz, an dat ass fir mech net d'Ausland, wa se owens erëm Heem kommen.

D'Madame Delvaux ass op eppes agaangen, wat ech herno och nach wäert ervirhiewen, an zwar d'Studentewunnengen. Fir mech ass eng Studentewunneng net nëmme fir d'Studenten, déi aus dem Ausland kommen, fir déi selbstverständlech, awer firwat net och fir déi, déi net an der Stad wunnen. All Jonke soll d'Méiglechkeet kréien eng Studentewunneng an der Stad kënnen ze lounen oder esou no wéi méiglech bei der Uni ze hunn, an esou selwer eens mussen ze gi mat sengem Budget, also sengem Loyer, senger Stroumrechnung, senger Elektreschrechnung.

Haut ass et onméiglech fir e Jonke vun 19 oder 20 Joer, e Loyer an der Stad ze bezuele vun 30.000 oder 40.000 Frang. Do si mer eis eens, dofir sinn d'Studentewunnengen och do, awer net nëmme fir ausländnesch Studenten, net nëmme fir jonk Leit vu ganz wäit, mä fir se alleguer.

Du point de vue logement gëtt et zum Beispill a Frankräich dat, wat een nennt ALSen an APLen, alo Aides au logement. Esou huet dann de franséische Stat zum Beispill 800 oder 1.500 franséisch Frange ginn de Mount, fir kënne privat e Loyer ze bezuelen. Dat sinn der dann net an der Résidence universitaire. Dat wier och eng Saach wou d'Regierung sech eng Kéier misst d'Fro stellen, fir deene jonke Studenten eng Méiglechkeet ze ginn endlech kënnen indépendant ze ginn a kënnen ze léieren.

Aner Problemer déi sech nach stelle wäerten ass d'Transportpolitik. D'Madame Delvaux sot, si hätt gären eng Uni wou alles beienee wär. Ech weess net ob dat e groussen Apport huet. Ech verstinn dass ee seet, da muss alles dräimol gemaach ginn, dat heescht dräi Bibliothéiken, dräi Sportsinfrastrukturen, etc., etc. Ech weess net ob eng Universitéit mat allem Drum und Dran e groussen Atout wär. De Projet gesäit elo dräi verschidde Sitë vir. Ech fannen et keng schlecht Saach. Dann ass selbstverständlech och nach d'Méiglechkeet fir eppes auszebauen. Ech ka mer jo virstellen, dass d'Universitéit Chancen huet, wa se gutt ass, och nach ausgebaut ze ginn a sech ze vergréisseren.

Ech hunn et virdru gesot, fir mech ass et e wichtege Sujet, wa mer kucke wivill Studenten hei zu Lëtzebuerg op den Unië sinn, a mir hunn och nach vun eppes hei net geschwat, dat ass vun de Prêten. D'Madame Stein huet de Moie gesot, dass et 5.700 Boursiere gëtt vu 7.000 an eppes Studenten, dat heescht, bal all Student freet eng Bourse beim Stat. Dat heescht, et gëtt och Leit hei zu Lëtzebuerg, déi sech keng Unisstudië kënne leeschten. Et si Leit, déi no der Première direkt schaffe ginn, well se eben déi finanziell Moyenen net hu fir kënnen direkt op d'Uni ze goen, oder fir kënnen iwwerhaapt op d'Uni ze goen, an da gëtt gesot, Dir kritt jo awer e Prêt vum Stat. Wann Der e Prêt huelt an Dir gitt fënnef Joer op d'Uni, an Dir hutt dee Prêt geholl, da musst Der duerno direkt beim éischte Joer wou Der schaffe gitt ongeféier 11.000 oder 12.000 Frang de Mount zréckbezuelen. Dat si vill Suen, well dat ass grad deen Alter wou een net nëmmen ufänkt mat schaffen, mä wou een och vläicht Loscht huet eng Famill ze grënnen, an da sinn 12.000 Frang scho ganz vill Suen. Dat heescht, wann een duerch d'Méiglechkeet vun enger Uni Lëtzebuerg och deem engen oder deem aneren, dee keng finanziell Moyenen hat fir kënnen op d'Uni ze goen, déi gëtt, ass et schonn derwäert eng Uni ze maachen. Ech wëll elo net soe fir een oder zwee Studenten, mä op jidde Fall ass et e Plus fir eist Land. Mir sollen eis Matière grise net exportéieren, mä mir sollen der och importéieren.

No all deene positive Punkten a virun allem deem Versteesdemech an där Kollaboratioun vun der Madame Hennicot, vun der Madame Faber a vum Här Dondelinger, wëll ech hei och nach eng Kéier eise Merci vun der Demokratescher Partei hirer Fraktioun matdeelen an den Accord zu deem heite Projet ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Héichschoulministesch, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken u mat engem ganz grousse Merci. Ech hätt mer net dreeme gelooss, datt mer mam Projet nach un e gutt Enn kéimen an datt mer virun allem eng grouss Zoustëmmung an der Chamber géife fannen. Ech soen dofir all deenen, déi dru geschafft hunn, e grousse Merci. Dat ass un éischter Plaz d'Chamberkommissioun, déi an enger wierklech konstruktiver a flotter Aarbecht de Projet begleet huet a massiv beaflosst huet an och geännert huet, dat Dank der fachkundeger Féierung vun hirer Presidentin, der Madame Stein, déi wierklech eng Engelsgedold hat an déi och do eng ganz grouss Leeschtung vollbruecht huet, well soss hätte mer dat hei net fäerdeg bruecht.

Ech soen natierlech merci menge Mataarbechter aus dem Ministère, dem Här Dondelinger an der Madame Faber, déi vun 1999 u mat mir zesummen un deem heite Wierk geschafft hunn an och eng Bereetschaft ronderëm d'Auer gewisen hunn.

Ech soe merci dem Expertegrupp, Downer, Weber a Capella, an ech motivéieren nach eng Kéier firwat datt mer grad déi dote Leit gewielt hunn. Den Här Downer, dat ass de Rektor vun der Universitéit vu Limerick. Dat ass eng kleng Universitéit an Irland, déi virun zéng Joer op engem Site vun Industriebrooche gegrënnt ginn ass, déi also vill Similituden huet mat Lëtzebuerg. Den Här Weber als fréiere Recteur vun der Universitéit vu Genève, dee kennt an engem méisproochegen Ëmfeld d'Problemer. An den Här Capella huet eise Centre universitaire schonn zéng Joer laang virdrun als Expär an engem Grupp begleet, dee kennt déi Lëtzebuerger Héichschoullandschaft ganz gutt. Hinnen allen dräi och de Merci.

Merci dem Statsrot, dee fir säin Avis natierlech och zäitlech huet misse gutt plangen an da last but not least merci eisem Conseil national de l'Enseignement supérieur. Well ëmmerhin huet de Fait, datt et do zu kenger richteger gudder Zesummenaarbecht komm ass, bewisen, datt déi Strukturen, déi mer mam 96er Gesetz haten, net déi richteg waren. Et huet sech och do erwisen, datt ganz einfach, souguer duerch de brillanten Afloss vun hirem President Mackel, d'Leit sech den Aarm net béie gelooss hunn an de Fortgank vun den Aarbechten net gutt war, an dofir de President och frustréiert war.

Leschten Enns huet d'Aarbecht vum Conseil national och dozou gefouert, datt mer gesinn hunn, datt déi Strukturen, déi d'96er Gesetz ginn hat, net déi ideal waren.

Eng Virbemierkung zur Method. Här President, ech hu méi wéi eemol an engem schnellen Duerchgank zu politeschen Décisioune verhollef an et ass mer ganz dacks virgeworf ginn, ech hätt net dialoguéiert, ech hätt ze vill schnell geschafft. Ech ka bei munche vun deenen Décisiounen, ech denken do zum Beispill un de Précoce, deen och a kenger Regierungserklärung stung an a kengem Parteiprogramm geltend machen, datt awer herno dat wat erauskoum dat Richtegt war, an datt ech dofir vläicht och an engem gewësse Vertrauen, an engem gewësse Glawen un déi lwwerzeegung, déi ech an där jorelaanger Aarbecht gewonnen hunn, einfach drop lass gaange sinn, fir et emol esou pauschal a lapidar ze soen. Dat heescht net onbeduecht, net onvirbereet, mat viller Aarbecht, mat viller Détermination, awer da mat dem Vertrauen drop, datt dat wat erauskënnt ganz sécher besser ass wéi dat wat mer hunn.

Leschten Enns ass dat dat Wichtegst. Mir maachen hei kee Gesetz, wat Perfektioun ass. Dat weess ech. Mir maachen awer e Gesetz, dat eis e Schrëtt virubréngt. An, Här President, mir sti virun enger wichteger Entscheedung, historesch ass se genannt ginn heibannen, well d'Schafe vun enger Universitéit oder d'Netschafen, dat ass en Débat deen eist Land ëmmerhi während laange Jore gefouert huet. Mir hu während iwwer 100 Joer gesot, datt mir keng Uni hei zu Lëtzebuerg bräichten, an dat hat verschidde Grënn. No eiser Indépendance hate mer aner Suergen, haaptsächlech finanzieller Natur, a souwisou war eis Verflechtung mat der belscher Bourgeoisie nach esou grouss, datt et fir eis natierlech war, datt eis Kaderen och op belschen Unien ausgebilt sollte ginn. Dat war eng laang Traditioun, well an deene Jorhonnerte virdrun war et ugeholl, datt jonk Leit aus dëser Géigend op Louvain a spéider op Léck sollte goen.

An engem gudden Deel vun der éischter Halschent vum 20. Jorhonnert hu mer eis awer scho Froen iwwer eis Souveränitéitsrechter gestallt an dunn hu mer e Gesetz gemaach iwwert d'Collation des grades. Dat heescht, d'Lëtzebuerger konnten d'Formatioun am Ausland maachen, mä d'Examen sinn hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn. An dat huet während zéng Joer, vun 1929 bis 1939 zu enger Debatt gefouert, ob dëse System mat dem fräie Choix vun enger Uni, wéi d'Constitutioun et festleet, ze vereinbaren ass. Et ass deemools zréckbehale ginn, datt de Stat ka Spillregele festleeë fir den Accès a verschidde Beruffer ze regelen. An deemools war schonn d'Fro, ob een Droit an engem Land ka léiere wat een anere System hätt, eng Fro, an d'Äntwert vum Statsrot war neen. 1969 koum et dunn vum Wiessel vun der Collation des grades eriwwer op de System vun der Homologatioun, deen eis och haut keng Satisfactioun gëtt. Elo konnten d'Examen op der auslännescher Uni gemaach ginn, mä d'Diplomer mussen hei zu Lëtzebuerg unerkannt ginn. An dee System, dee besteet bis haut an en ënnersträicht, dass d'Universitéit zënter dem 19. Jorhonnert vill mat Ausbildung fir de Statsdéngscht ze dinn huet, oder mat Ausbildung fir déi sou genannt Professions réglementées.

Ech erënneren awer och drun, datt déi éischt europäesch Universitéit vu Bologna am Joer 915 gegrënnt ginn ass vun engem Grupp vu Studenten, déi hire Gedanken ausserhalb vun dem Kader vun der mëttelalterlecher Kierch wollten nogoen, an nach haut schwéngen déi dote Géigesätz an der Diskussioun iwwert d'Uni mat. Op där enger Säit d'Uni als Plaz vun der Freiheit von Lehre und Forschung an op där anerer Säit d'Uni als Virbereedung vum Ständestaat an als Lieferant vun den ausgebilte Leit fir de Statsbetrib.

Hei zu Lëtzebuerg hu mer mam Gesetz vun 1996 en éischte Schrëtt a Richtung Uni gemaach an dat Gesetz, dat ass jo opgrond vun den Debatte vun enger Spezialkommissioun an der Chamber zustane komm. Déi Debatten, déi an dem Rapport vun 1993 festgehale gi sinn, sinn haut praktesch net erwähnt ginn. Ech muss awer soen, datt dat Gesetz vun 1996 sech op déi Debatt vun der Chamberkommissioun, vun der Spezialkommissioun vun deemools beruff huet an datt mer eis och bei der

Virbereedung vun dësen Aarbechten déi doten Debatte ganz besonnesch gutt ugekuckt hunn. A wann een der Teneur vun deenen Debatten an der Chamber hei e bësse méi déif nolauschtert, da muss ee soen, schonn deemools war eigentlech d'Chamber der Meenung, mir sollten eng Uni maachen. Mir hunn dorauser 1996 dann esou en Zwitter gemaach. Dat heescht, mir hunn e Gesetz gemaach, wou mer en éischten Zyklus konnte maachen, en zweeten net an dann erëm en drëtte konnte maachen, oder en zweeten a Kooperatioun mat aneren Universitéiten.

Déi Erfahrunge vum 96er Gesetz hunn eis och éischt Erfahrunge gi mat dem Instrument Etablissement public. An haut, Här President, sti mer virun enger neier Etapp, an ech wëll kuerz beliichte firwat mer eis da schlussendlech zu deem Schrëtt do entschloss hunn.

Et däerf een net vergiessen, datt déi Gesetzgebung vun 1996 jo eigentlech nach eng jonk ass, datt se hätt missen ofgeännert ginn an datt dunn d'Alternativ, déi d'Regierung hat, entweder d'Gesetz vun 1996 ofzeänneren oder eng eenzeg Struktur ze maachen, zur Debatt stung. Mir hunn eis fir dat Zweet entschloss, aus all deem wat ech virdru gesot hunn, déi negativ Erfahrunge an dann och dee restriktive Kader vum 96er Gesetz.

Wou sti mer haut am Joer 2003? Am 20. Jorhonnert hu mer vum Industriezäitalter a vum Zäitalter vun den Déngschleeschtunge geschwat. Haut, am 21. Jorhonnert, schwätze mer iwwert d'Wëssensgesellschaft. De Projet vun der Uni Lëtzebuerg ass de Projet fir datt mer hei zu Lëtzebuerg deen dote Schrëtt kënne maachen.

Am Joer 2000 huet Lëtzebuerg als Ganzt 363,9 Milliounen Euro an d'Recherche investéiert. Dat waren 1,77% vun eisem Bruttoinlandsprodukt. An deem dote Chiffer sinn 337 Milliounen Euro enthalen, déi aus dem Privatsecteur kommen. An anere Wierder, nëmme 7,1% vun deene Gelder, vun deem ganzen Investissement, kënnt aus der Recherche publique. An dat waren am Joer 2000 0,13% vum PIB.

Mir gesinn also, datt mer en Hoff hu misste maache fir de Wee an d'Wëssensgesellschaft ze goen. An dës Regierung huet staark an de Secteur public vun der Recherche investéiert an eis Budgetsmëttele si vun eelef op 35 Milliounen Euro eropgestockt gi jährlech. Dat heescht an anere Wierder, datt do dann nach derbäi kënnt, alles dat wat iwwert de Fonds national de la recherche an déi verschidde Programmer investéiert gëtt, an dat sinn insgesamt 51 Milliounen Euro fir Programmer, déi bis d'Joer 2008 lafen.

Et kann een net soen, datt hei d'Recherche de parent pauvre gewiescht wier. Et kann een och net soen, datt d'Recherche an de Sciences humaines de parent pauvre gewiescht wier, well ëmmerhin ass de Programme Vivre, dee Programm, dee mat zwielef Milliounen Euro dee stäerkst dotéierte Programm vum Fonds national de la recherche ass.

Et ass mer awer bewosst, Här President, datt déi doten Efforten net duergin. Et huet eis am Beräich vun der Recherche ee Standbee gefeelt, an dat ass d'Standbee vun enger Recherche, déi een éischter als Recherche fondamentale bezeechne kann, obschonns och elo d'Grenzen tëschent fondamental an appliqué ëmmer méi flou ginn. Mä et ass grad deen Type vu Recherche, deen un enger Uni ugesiedelt ass. Ech ginn iwwregens ze bedenken, datt bei der Schafung vum Fong 1999 ganz genee déiselwecht Ängschte komm sinn. Do ass och gesot ginn: Wéi ginn dann d'CRPen agebonnen? Verléiere se net hir Onofhängegkeet? A mir hunn alles dat kënne widderleeën, andeems mer aus dem Fong e brauchbaart Instrument gemaach hu wat d'Leit zesumme gefouert huet.

Esou wäert d'Universitéit eis och hëllefen d'Ziler ze erreechen, déi de Sommet vu Lissabon am Joer 2000 definéiert huet, an déi sollen drop erausgoen, datt mer 1% vum PIB an d'Recherche publique investéieren. Dëst Zil solle mer 2010 erreechen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wäerten elo insgesamt, wa mer alles zesummerechne wat an dëser Regierung an de Secteur public vun der Recherche investéiert ginn ass, inklusiv déi Ausgabe fir d'Uni, bei 0,3% ukommen. Dat ass dat wat d'Regierung sech virgeholl huet. Da si mer nach ëmmer Schlusslicht an Europa. Ech wäert herno nach eng Kéier dorop agoen.

Et war also kloer, datt eist Gesetz vun 1996 huet missen ënnert d'Lupp geholl ginn an et ass interessant, datt dat Gesetz Institutioune wéi zum Beispill de Centre universitaire als Institution d'enseignement gesäit, well d'Tâchë vun de Proffe waren haaptsächlech op den Enseignement ausgeriicht a si hunn nëmmen an engem ganz klenge Mooss Recherche beinhalt. 2000 war dat just emol 0,004% vum PIB. Dat heescht also wéineg Recherche um Centre universitaire.

Déi Institutiounen, déi sech jo haaptsächlech mat dem éischten Zyklus befaasst hunn, hunn also missen e Schrëtt virubruecht ginn, fir datt den Horizont méi grouss opgeet an datt och d'Perspektiv vun der Recherche an den Institutioune selwer gefestegt gëtt.

Ech wëll awer och soen, Här President, datt dee Projet de loi, deen d'Regierung déposéiert huet, net vum Himmel gefall ass. Well wéi mer 1999 d'Kultur, d'Héichschoul an d'Recherche an ee Ministère zesummegefaasst hunn, du war dat schonn ee Signal. An et war ee Signal fir sech op de Wee ze maachen, an dat hu mer gemaach mat Déterminatioun. De Livre blanc war deen éischten Etat des lieux, dee mer gemaach hunn, a mir hate Konferenzen am Joer 2001 an 2002 zu Mondorf, wou sech lues a lues eist Konzept preziséiert huet. Mir haten eng Interpellatioun vum Här Fayot hei an der Chamber, wou mer eis erëm eng Kéier och konnte bewosst gi wéi d'Haltung vum Parlament wier, an aus deem Konzept ass lues a lues déi Loi cadre entstanen. Ech muss awer soen, datt d'Zuel vun de Réuniounen, déi mer haten, mat deenen interne Betraffenen, insgesamt 17 Réunioune ware vum Mee 2001 u bis op den Dag vun haut. Et ass also net esou, datt mer hei eng Uni gemaach hunn im stillen Kämmerlein, wou mer mat kengem diskutéiert hätten. Mir hunn dat doten duerchdiskutéiert mat den Enseignantë vun den Institutiounen, mat de Studenten, mat der Wirtschaft, mat de Forces vives de la nation.

Mir haten also zwou Aufgaben. Dat wat am Ausland als Hochschulrahmengesetz besteet ze maachen a mir haten eng aner Aufgab. Dat ass, wat geschitt mat deenen Institutiounen, déi bestinn.

Dëst Gesetz versicht eng Äntwert ze ginn op verschidde Froen. Et kann natierlech net all Froe beäntweren, mä et gëtt awer eng Partie Aussoen iwwert déi grouss Missioun vun der Uni, iwwert d'Personal, iwwert d'Diplomer. Et sinn Elementer, déi an engem Kadergesetz solle stoen. Et gëtt nëmme ganz wéineg Indikatiounen iwwert d'Inhalter, well d'Uni soll jo déi Inhalter selwer erschaffen, an dofir kann ech mech nëmme wonnere wann hei Leit schonn Aussoen zu Inhalter maachen, déi emol eigentlech nach guer net bestinn an déi eréischt feststinn, wa mer deen éischte Plan pluriannuel hunn.

Mä wat fir eng Uni wëlle mer dann? Mir wëllen eng Uni déi kleng ass an eng Uni déi lues wiisst. Mir wëllen eng Uni, där hiert éischt Zil d'Qualitéit ass. Mir wëllen eng Uni, déi esouwuel an der Recherche, déi se bedreift, wéi an den Enseignementer, déi se offréiert, eng international Renommée an Unerkennung kritt. Mir wëllen eng Uni, déi duerch hir Qualitéit gutt Enseignanten, gutt Chercheuren a gutt Studenten aus dem Land an aus dem Ausland unzitt. Mir wëllen eng Uni, déi eis an eiser Gesellschaft et erlaabt eng Reflexioun iwwert sech ze féieren an déi d'Plaz gëtt wou Wësse geschaaft gëtt. Mir wëllen eng Uni fir eist Land, eng Uni déi hir Plaz an Europa an an der Welt anhëlt. A mir brauchen eng Uni als Standuert.

Ech weess datt, wann ech dat dote soen, mer et nach laang net erreecht hunn. An dofir sinn déi zwee nächst Schrëtt vu grousser Bedeitung, well d'Debatt geet eigentlech eréischt un. Eng gutt Uni brauch gutt Käpp. Et wäert also an deenen nächste Wochen a Méint eis gréisste Suerg sinn, fir dem Grand-Duc déi éischt Equipe dirigeante ze proposéieren. An, Dir Dammen an Dir Hären, Dir hutt d'Fro gestallt: Wéi geet dat dann? Den 28. Juli kënnt déi éischt Annonce an der internationaler Press, wou mer no engem Recteur sichen. Mir wäerte kucke wéi mer kënnen esou schnell wéi méiglech do e Choix treffen.

Déi zweet Etapp ass déi vum Plan a vum Contrat pluriannuel, well mer wësse jo datt mer eis Uni och esou wuesse musse loossen, datt mer kënnen de Finanzement vun der Regierung hier assuréieren, an et ass dofir wichteg datt mer dat Gesetz hei hunn, wat eis déi Méiglechkeete gëtt fir dat an d'Praxis ëmzesetzen.

D'Madame Delvaux huet d'Schwieregkeet vun der Iwwergangsphas ervirgestrach. Ech si mer däers ganz, ganz gutt bewosst, an ech weess datt dat nächst Joer, wat op eis duerkënnt, e Joer ass, wat entscheedend gëtt. Ech hunn awer och do genuch Courage, well ech denken, mir hu genuch gutt Leit, déi eis eng Hand upaken. Dofir sinn ech der Meenung, datt mir dat dote kënne packen.

Ech géif awer elo gären op e puer wichteg Charakteristike vun der Uni Lëtzebuerg agoen. Eng Charakteristik vun der Uni ass déi, datt mer der Recherche eng wichteg Plaz bäimoossen, well ech mengen dat ass de Mobile fir dee mer un éischter Plaz eng Uni gemaach hunn. Et huet eng direkt Konsequenz op d'Aart a Weis wéi mer d'Uni wëllen entwéckelen. An hei ass och den Ënnerscheed gemaach ginn tëscht Bottom-up an Top-down. Ech mengen, datt mer konsequent a Masterprogrammer an an d'Doktoratsprogrammer investéiere mussen, fir esou de Profil vun der Uni no an no ze entwéckelen. Eng aner Charakteristik ass d'Tatsaach, datt an enger eenzeger Struktur akademesch a professionalisant Formatiounen ugebuede ginn. Hei hu mer näischt Neies gemaach, well dat do, dat gëtt et schonn, dat gëtt et am Frankräich mat den Diplomer DEA an DESS. An Däitschland si se amgaangen op Masterniveau déi zwee Stréng vun der Universitéit a vun der Fachhéichschoul zesummen ze féieren op ganz ville Plazen. Rheinland-Pfalz ass dat lescht Land, dat an deem Sënn seng Reform gemaach huet.

Et ass also wichteg, datt mer hei zu Lëtzebuerg och déi dote Politik maachen. Eng Enquête vun 1999 iwwert d'Force de travail kënnt zur Feststellung, datt nëmmen 18% vun der Lëtzebuerger Populatioun tëschent 30 an 59 Joer en Héichschouldiplom hunn. Domat leie mer natierlech, dat ass jo gesot ginn, ënnert der europäescher Moyenne. Wann een dann derbäi rechent, datt an deenen 18% nach d'Frontaliere mat dra sinn, da gesi mer, datt mer wierklech hei Nohuelbedarf hunn.

Hei ass eng Universitéit gefuerdert fir och an de lifelong-learning-Prozess eranzeklammen. Ech gesinn net a firwat net dat wat d'Chambre des Employés privés mat hirer gudder Viraarbecht, déi se net hätt kënne maachen, wa se op all déi gesetzlech Dispositioune gewaart hätt, an déi se nëmme konnt maachen, well ech hir de Feu vert ginn hunn an dat op meng Kap geholl hunn deemools 1995, integréiert kennt ginn an eng aner Struktur. Mir hunn also d'Zäit genotzt fir eng Viraarbecht an deem dote Beräich ze maachen.

Mir integréieren dann d'Formatioun vum Schoulmeeschter an d'Universitéit. En Aarbechtsgrupp hat schonn ënnert der viregter Regierung iwwer eng Reform vum ISERP geschafft a mir waren zu enger Konklusioun komm, déi eis och bis an d'Bildung vun dëser Regierung begleet huet, déi awer net déi beschte Solutioun gewiescht wär, well et e véiert Joer mat enger Spezialisatioun ginn hätt, wat jo awer fir de Beruff problematesch gewiescht wär.

Ech hu ganz oft gesot kritt, datt déi dote Formatioun näischt an der Uni ze sichen hätt, an et ass esouguer de Lien gemaach ginn, datt de Qualitéitslabel vun der Uni domadder géif stoen a falen. Ech mengen awer, et wier hei un der Zäit, datt mer eis ideologesch Scheiklappe géifen ofwerfen an datt mer der Schoulmeeschteschformatioun hir Plaz och an der Uni géifen zousoen.

Dës Formatioun huet ee laange Wee hanneru sech, well vun engem Métier, wou een net emol eng Première gebraucht huet, wou een iwwert d'Normalschoul an duerno dem IP an dem ISERP lues a lues an d'Formatioun era gewuess ass, si mer haut méi wéi jee der Meenung, datt eng universitär Formatioun eng Basis ass. Den Här Wiseler huet heizou eng ganz gutt Usso gemaach, wat de Gebrauch vun Etiquetten an dëser Bezéiung ugeet. Ech ginn him vollkomme Recht, datt mer domat sollen ophéieren, datt et leschten Enns op d'Inhalter an op d'Wësse vill méi ukënnt wéi op d'Etiquetten.

D'Erausfuerderungen, déi un eis Schoul gesat sinn, déi sinn esou grouss, datt déi Leit, déi mer ausbilden, eng Flexibilitéit an hir Denkweis kréie mussen, wéi se nëmmen op enger Universitéit vermëttelt gëtt. Par ailleurs muss ee soen, datt mer hei zu Lëtzebuerg och eng Recherche an deem dote Beräich brauchen. Ech hat ugesat, fir e CRP bei den ISERP ze froen. Ech hunn dat verworf kritt deemools vum Statsrot. Dat war an dem Joer 1996. Wéi mer d'Resultater vu PISA kritt hunn, hätte mer eis misse kënnen u Resultater vun enger Recherche orientéieren. Mir brauchen eng Recherche iwwer eis Schoul an natierlech eng Recherche iwwert den Enseignement en général och, well mir e gudde Laboratoire si fir ganz vill Froen, op déi et an der ganzer Welt nach net déi richteg Äntwerte gëtt. Mir hunn do eng wichteg Roll ze spillen a mir kënnen där Formatioun an deem Sënn op zwou Manéieren eng nei Orientatioun ginn.

Ech denken datt, wat d'Inhalter ugeet an déi schwiereg Fro, ob mer elo 180 oder 240 ECTS-Kreditter maache fir d'Formatioun vum Enseignant am Primaire, et ganz bestëmmt dervu wäert ofhänken, wat dann d'Inhalter sinn. Ech mengen, do hätte mer natierlech och déi Erwaardung, datt mer zesumme mam Educatiounsministère an engem Aarbechtsgrupp kucken, wann d'Iwwergangszäit vum ISERP ausgelaf ass, wéi déi nei Formatioun agencéiert gëtt.

Déi Fro, déi sech mat der Formatioun vum ISERP an hirer Integratioun an d'Uni gestallt huet, déi huet och den IST betraff. Integréiere mer den IST an d'Uni, jo oder neen? Meng Äntwert war: Jo. Well wat géif geschéien, wa mer en net géifen integréieren.

Här President, ech fäerte ganz, da wieren e puer Departementer vum aktuellen IST ganz séier en perte de vitesse, well wann een nämlech d'Studentenzuelen iwwert déi dräi lescht Jore kuckt, da stellt ee fest datt a verschiddenen Departementer d'Zuelen op engem ze niddereg en Niveau leien oder lues a lues erofginn, an engem aneren Departement, dem Departement vun der Informatique appliquée, do geet d'Studentenzuel konsequent erop. Dat ass natierlech keen Zoufall, well déi dote Sektioun scho mat Proffe vun deem neien Type besat ginn ass an duerchaus hir Plaz an der Universitéit wäert hunn.

Ech krut gesot, ech misst den aktuellen IST esou bäibehale wéi en ass, well et soss a verschiddene Secteuren Nowuesproblemer géif ginn. Ech sinn deen éischte Betraffenen, well d'Ponts et Chaussées sinn den éischten Abnehmer vun deene Leit, déi mat der Formatioun Ingénieur industriel kommen. Et ass mer gesot ginn, et géife vill méi där Leit, déi den IST gemaach hunn, gebraucht ginn, wéi den IST der iwwerhaapt géif forméieren. Dat ass och eng Tatsaach. Ech si mer bewosst, datt dat ee Problem ass, mä dat ass awer kee Problem vum IST eleng. Dat ass ee Problem, deen awer net verschäerft gëtt doduerch, datt elo déi Formatioun an d'Uni integréiert gëtt. Dat doten ass ee gesellschaftleche Problem, well dat ass de Problem, datt mer et bis haut nach net fäerdeg bruecht hunn eis Auslännerkanner op engem héijeren Niveau wéi de Secondaire ze qualifizéieren, an et geet do drëm fir déi Auslännerkannergeneratiounen, déi aus dem Technique kommen, och an de Supérieur eropzekréien.

Mir hunn also hei en demographesche Problem, an dofir solle mer deen net vermësche mat dem Problem vun der Integratioun vum IST an d'Uni Lëtzebuerg. Et wäert sech do opdrängen, datt mer eis Reflexioune maachen, ob mer net eng Formatioun um Niveau BTS solle maache fir dat wat Génie civil an déi Departementer ugeet, déi een esouguer a Kooperatioun mat de Betriber als en dualen Ausbildungssystem kënnt maache fir à la fois déi Schüler ze qualifizéieren, déi aus dem Technique kommen, an den Nowuess fir déi Betriber ze sécheren.

D'Uni wäert also akademesch a professionalisant Formatiounen ubidden, an dat ass de Choix deen och op europäeschem Wee amgaang ass ze kommen.

Här President, ech hunn 1997 a menger Qualitéit als Presidentin vum europäesche Ministerrot eng Recommandatioun iwwert d'Assurance de la qualité am Enseignement supérieur diskutéieren an adoptéiere gelooss. 1999 hu mer zu 21 Länner zu Bologna d'Deklaratioun ënnerschriwwen. Ech hat d'Chance bei där ganzer Debatt derbäi ze sinn, déi vum deemolege franséische Minister Allègre ageleet gi war an déi fir d'éischt zu véier an d'Wee geleet ginn ass mat Italien, Däitschland an England. Herno ass awer de Prozess erweidert ginn. Aus deenen 21 Länner vu Bologna sinn der mëttlerweil 31 ginn, déi sech engagéiert hu fir deen eenheetlechen europäeschen Héichschoulraum ze schafen. 28 Länner sinn amgaang hir Gesetzgebung ze änneren, esou dass d'Diplomer der Nomenclature Bachelor-Master-PhD kënnen entspriechen.

Mir brauchen also dësen Type vun Diplomer, och wa mer wëllen d'Mobilitéit, déi jo ee vun de Prinzipie vun eiser Uni ass, optimal ëmsetzen. An dozou ee Wuert dat à la fois motivéiert, firwat mer op déi Mobilitéit esou staark halen a firwat datt mer se als en tragend Element vum Modell Uni Lëtzebuerg agebaut hunn. D'Uni Lëtzebuerg muss Accordë mat aneren Unien hunn, an dat ass dat wat nei ass, wat par rapport zu Erasmus an anere Modeller aneschters ass. Doduerch datt d'Uni Lëtzebuerg muss Accorden hunn, mussen och d'Programmer iwwereneen ofgestëmmt

ginn. Mir kréien eng Aart vu Qualitéitskontroll op déi dote Manéier. Mir si gehalen eis un de System vun den ECTS-Kreditter unzebannen an hunn domat en neie Modell am europäeschen Héichschoulraum geschaaft. Néierens gëtt et dat doten an där doter Form.

Här President, ech mengen, d'Mobilitéit ass am Kontext vun der Lisibilitéit vun den Diplomer en europäescht Thema. Et ass een Thema, wat eis fréi oder spéit wäert dozou féieren, datt mer europäesch och harmoniséieren, an de Fait datt eis Studenten ëmmer hu missen an d'Ausland goe fir hir Héichschoulstudien ze maachen, deen huet den Avantange datt mir déi Mobilitéit vun enger ganz anerer Säit kenne wéi déi aner europäesch Länner. Well gleeft ës, den Här Krieps huet jo d'Zuel vun de Studenten a Mobilitéit genannt, déi ass immens kleng. Déi aner Länner doe sech schwéier domadder, a grad dofir ass eise Modell vläicht an där europäescher Héichschoullandschaft een attraktive Modell. Mir sollten och vun dem Prinzip ofgoen, datt mer déi Mobilitéit ëmmer nëmmen à sens unique kucken.

Mir liewen an engem Denkschema wou mer, wa mer Mobilitéit soen, ëmmer un déi Lëtzebuerger denken, déi an d'Ausland ginn. Mir sollen och un déi Auslänner denken, déi op Lëtzebuerg kommen, an déi grad heihinner komme kënnen, well se hei ee méisproochegt Ëmfeld fannen, well se hei einfach eng Internationalitéit fannen, déi se op anere Plazen net fannen.

Ee Wuert zur Autonomie. Ech hätt jo léiwer de Projet hätt kënnen esou gestëmmt gi wéi ech en erabruecht hunn, well dann hätte mer eng Uni, déi onofhängeg wier, a mir hätten d'Wëssen, datt och déi néideg Flexibilitéit mat abruecht wier. Ech hu wéinst der Bemierkung, datt mer eis mat eisem Rechtstat missten auserneesetzen an oppassen, wat mer hei géife maachen, mech missen enges Bessere beléiere loossen. Eng Uni soll onofhängeg sinn, an da stellt natierlech d'Fro sech, onofhängeg vu wiem.

Eng éischt Onofhängegkeet ass effektiv déi vum Stat. Eng Uni soll net dra geschwat kréien. Et soll net stänneg d'Politik do interferéieren a soen, wat dann ze maachen ass a wat net.

Onofhängeg si bedeit dann awer och onofhängeg vum Privatsecteur, well ech weess net ob eist kulturellt Ëmfeld esou ass, datt mer räif wiere fir dat ze akzeptéiere wat op amerikaneschen Universitéite gang und gäbe ass, wou et d'Industrie ass déi bestëmmt wat gemaach gëtt, wou et d'Uni ass déi bestëmmt wien erakënnt, a wou et am Fong d'Geld ass wat entscheet wat geschitt.

Eng Uni brauch, a mengen Aen, méi wéi ee Partner, an dofir muss d'Universitéit an engem gewëssene Sënn net nëmmen utilitaristesch ausgeriicht sinn, mä si muss awer och net an esou enger Ofhängegkeet vum Stat sinn, datt se vun dohier ënner Drock kéim. De Prinzip, datt deen, deen d'Geld gëtt, och matschwätze kann, ass ëmmer en zwielichtege Prinzip, woubäi ech nach éischter Vertrauen hunn, datt de Stat gewësse Fräiheeten approuvéiert wéi de Privaten, dee gären eng Rendite hätt. An deem Sënn, Här President, mengen ech, hu mer hei eiser Constitutioun an eisem Etat de droit Rechnung gedroen. Mir wëssen, datt d'Artikelen 23 a 36 vun eiser Constitutioun aus dem Enseignement eng Matière réservée maachen an datt de Pouvoir réglementaire autonome vun der Uni, wat den Enseignement ugeet, doduerch ageschränkt ass.

Dat ass de Grond firwat mer no engem Arrêté vun der Cour constitutionnelle am Beräich vun den Homologatiounen Règlements grands-ducaux fir de Beräich Enseignement hu missen an d'Gesetz eranhuelen. Dat sinn déi, déi d'Sproocheprofessere betreffen. Ech sinn net frou doriwwer, well et menger intiimster Konviktioun net entsprécht. Natierlech musse mer d'Jurisprudenz respektéieren, ech erlabe mer awer hei der Chamber ze bedenken ze ginn, ob et sech net géif opdrängen den Artikel 23 vun der Verfassung esou ofzeänneren, datt d'Héichschoulstudien net géifen ënnert déi doten Dispositioun falen.

Mir sollen net vergiessen, datt déi fundamental Texter vun deem Artikel aus dem 19. Jorhonnert stamen, an do huet et gegollt de Beräich vun der Scolarité obligatoire a vum Enseignement moyen, dat wat mer haut Secondaire a Secondaire technique nennen, esou ze regelen, datt all Kanner sollten déiselwecht Chancë kréien. D'Universitéit, déi spillt awer an enger anerer Liga. Wa mer wëllen, datt eis Uni genuch Spillraum huet fir sech der Evolutioun vun der europäescher Héichschoullandschaft unzepassen, da muss se kënne flexibel a schnell reagéieren, besonnesch am Beräich vun der Fuerschung. Mir sinn also an enger ganz anerer Situatioun wéi am 19. Jorhonnert, deemools wéi eis Verfassung geschriwwe ginn ass.

Här President, et sinn dann nach Problemer ugeschnidde gi wat d'Studenten ugeet. Do sinn ech frou, datt mer d'Propositioun duerchkritt hunn, fir och d'Vertriedung vun de Studenten an de Gremien ze verbesseren. Mir wësse ganz genau datt et eng Partie Problemer gëtt wat d'Aarbechtsrecht ugeet. Mir hunn en Aarbechtsgrupp, deen zesumme mam Minister Biltgen a mam Minister Frieden, dat heescht also mat dem Aarbechtsministère a mat der Justice zesummen, iwwert déi dote Problemer schafft, well mir mussen extra Regelunge kréie fir d'Studente wat d'Aarbecht ugeet. Mir mussen extra Regele kréie fir d'Chercheure wat d'Zouloossung ugeet a wat déi ganz Visaspolitik betrëfft.

Wat d'Studentewunnengen ugeet, do ass net nëmmen de Stat gefuerdert. Do sinn och d'Gemenge gefuerdert, an eng Buergermeeschtesch huet mer elo éinescht grad matgedeelt, datt se och an hirer Gemeng zu Betzder a Studentewunnenge mat investéiert. Ech weess, datt och aner Gemengen amgaange si sech do Gedanken ze maachen.

Mir hu selbstverständlech awer och e Privatsecteur, deen an deem dote Beräich ganz gutt kënnt an dësem Moment investéieren, well jo ëmmer virbruecht gëtt, et géif net méi an de Wunnengsbau investéiert ginn, well d'Mietsgesetz géif spillen. Ech mengen, hei wiere jo aner Situatiounen, esou datt esou en Investissement och fir de Privatsecteur attraktiv wier. Ech denken awer och un déi Privatleit, déi Studentenzëmmere kënnte verlounen.

Ech ginn ëmmer d'Beispill vun der Miami University, déi, wéi se op Déifferdeng gaangen ass, am Ufank gefäert huet si kéimen net ënner an herno hate se all hir Studenten ënnerbruecht bei Privatleit, a elo fillen déi Privatleit sech mat där Universitéit verbonnen. Och d'Studente vun dem neien IMPALLA-Studiëgang vun dem CEPS sin zum gréissten Deel bei Privatleit ënnerbruecht. Et gëtt also méi wéi eng Léisung, et ass awer evident datt de Stat hei muss investéieren.

Iwwert d'Bibliothéik ass en Aarbechtsgrupp amgaang ze schaffen. Mir hu wéi bis elo och eis Nationalbibliothéik als e Pilier vun der Universitéitsbibliothéik festgehalen, mä et ass evident datt do natierlech d'Zäit drängt.

Wat elo d'Finanzéierung vun der Uni ugeet, Här President, fir d'alleréischt, déi Uni, gëtt kee Faass ouni Buedem. D'Finanzéierung vun der Uni ass eng Fro vu politeschem Wëllen a Kënnen, an hei entsteet keng Eegendynamik, well dofir hu mer jo déi Contrats pluriannuels agebaut. Mir hunn des Weideren eng zolidd Basis op déi mer opbaue kënnen. An ech wëll do nach eng Kéier ganz kloer soen, wou mer elo dru sinn.

Déi 0,5% vun deenen den honorablen Här Schroell hei geschwat huet, an och d'Madame Stein, betreffen déi Ausgaben haut vum CUNLUX, vum IST, vum ISERP, vum Rektorat vun der spéiderer Uni, vun der School of Finance a vum LIASIT. A wa mer rechnen, datt mer innerhalb vu fënnef Joer eng Verduebelung hunn, dat heescht datt mer dann op 1% vun den Ausgabe vum Budget wieren, da géif dat beinhalten, datt mer do derbäi CUNLUX, IST, ISERP, de Rektorat, School of Finance, LIASIT, déi ganz Aide financière, déi un d'Lëtzebuerger Studente geet, den IUIL an den IEES mat dran hätten. Zur Zäit si mer bei deene leschtgenannten Institutioune bei engem Betrag vun 0,85%.

Dat heescht mir fänken net bei null un, mir hunn do och nach Sputt, well zum Beispill beim IEES sinn d'Käschte fir dee ganzen IEES, och déi, déi jo spéider net méi am Département Enseignement supérieur sinn. Mir hunn also zögerlech, mä awer ëmmerhin eng finanziell Basis, an ech stellen dat dann erëm eng Kéier a Relatioun, Här President, well dat läit mer uewen, mat deem wat mer an d'Recherche insgesamt investéieren. Mir sti virun engem Choix de société. Wa mer eist Land net moderniséieren, wa mer net wëllen an d'Recherche investéiere fir nei Aktivitéiten op Lëtzebuerg ze kréien, fir nei Betriber hei unzelackelen a fir nei Produkter ze entwéckelen, fir awer och déi Sozialrecherche, déi am Beräich vun de Sciences humaines gemaach muss ginn, emol richteg wouer ze huelen, da si mer d'Schlussliicht an Europa.

Mir hu fir de Moment eng Verdeelung vun 1,77% vum PIB insgesamt, woubäi d'Recherche publique bei 0,13% läit. Dat ass fir d'Joer 2000, dat ass dat lescht Joer wou Statistike gemaach gi sinn. Wa mer dat vergläiche mat aneren europäesche Länner, an ech maachen de Verglach mat deenen déi performant sinn an hirer Ekonomie, da gesi mer datt zum Beispill Finnland en Investissement huet vun 3,37% vum PIB, an dovunner 0,39% an d'Recherche publique. Dat heescht, déi si scho bal un d'Kritäre vu Lissabon erukomm.

Mir si fir de Moment Schlussliicht an der Skala vun den europäesche Länner wat d'Investissement an der Recherche ugeet, och wann dës Regierung hire Soll vun 0,3% erreecht huet. Well am Joer 2000, do war schonn dat lescht Land, wat iwwert eis ass, Irland, bei 0,32%. Dat heescht mir hunn also do en Nachholbedarf, a wa mer kucke wéi déi nei Länner gestallt sinn, déi elo bäikommen, dann huelen ech der zwee eraus, déi mat eis och vergläichbar sinn. Da gesi mer d'Tschechei mat 1,33% Investissement an d'Recherche a Slowenien mat 1,45%. Also och wann Europa erweidert gëtt, wiere mer als Land en absolut Schlussliicht an der Investitioun wat Recherche ugeet.

Elo kënne mer net soen, datt mer dat an enger Period kënne rektifizéieren, well fir Recherche brauch ee Projeten, fir Recherche brauch ee Leit an et brauch een Nowuess an et brauch een och déi Atmosphär, déi nun eemol duerch eng Universitéit geschafe gëtt.

An deem Sënn, Här President, ass et net nëmmen d'Schafe vun engem neien Institut, vun enger neier Universitéit, vun engem neien Etablissement public, dee fédéréiert wat bis elo bestanen huet, et ass och e Choix de société, et ass och d'Bekennen zu engem Stat, deen nach u sech selwer gleeft. Well, Här President, wa mer dat net méi maachen, wa mer net méi dru gleewen, datt mer aus eegene Kräften och nach kënnen eppes bewierken an eppes nei schafen, ech mengen dann hu mer opgehalen e Stat ze sinn, da si mer en Deel vun enger grousser Regioun.

Mir hunn also hei gewëssermoossen och eng moralesch Verflichtung zu deenen ze stoen an zu deene villen, déi dësen Enseignement supérieur opgebaut hunn, an de Fait datt der eng ganz Partie mat eriwwer ginn, dat ass jo d'Confirmatioun datt mer d'Capacitéiten an d'Kompetenzen hei zu Lëtzebuerg hunn. Ech schwätzen elo emol net vun deenen, déi am Ausland sech wichteg Positiounen eruewert hunn, well se hei zu Lëtzebuerg keng Geleeënheet haten. Mir dinn also gutt hei drunn e Glawensbekenntnis un eis eege Kompetenzen an domat de politesche Wëllen ze dokumentéieren, fir eist Land virun ze bréngen an en neit Zäitalter, dat d'Wëssen an de Vierdergrond stellt.

Ech soen all deene merci, déi positiv zu dësem Projet stëmmen an ech wäert mer all Méi ginn, fir an där Zäit, déi elo nach bleift, de Maximum fir d'Exécutioun drunzesetzen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5059 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 61 gi gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert dat virleiend Gesetz.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Gesetz ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Niki Bettendorf), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Mme Maggy Nagel (par M. Jean-Paul Rippinger), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens zum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

***Motion 1***

Dann hu mer d'Motioun 1 zur Proposition de loi 4540 vum Här Robert Garcia.

***Vote***

Wie fir d'Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, d'Motioun 1 ass eestëmmeg ugeholl.

An da komme mer zu deenen anere Motiounen déi abruecht gi sinn.

***Motion 2***

Dat ass fir d'éischt d'Motioun 2 vum Här Ben Fayot.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 2 si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass ugeholl mat 30 Jo-Stëmmen an 28 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean-Marie Halsdorf, Laurent Mosar, Mme Nelly Stein et M. Fred Sunnen;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Nico Loes, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Niki Bettendorf), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

***Motion 3***

Da kéime mer zur Motioun 3, och vum Här Ben Fayot.

***Vote***

Déi fir d'Motioun 3 si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass verworf 33 Nee-Stëmmen an 26 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Marco Schank), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch*

*(par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel (par M. Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

***Motion 4***

Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 4.

***Vote***

Déijéineg déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun 4 ass verworf mat 31 Nee-Stëmmen a 27 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: M. Marcel Sauber;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Fernand Greisen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

***Motion 5***

Da komme mer zur Motioun 5.

Vote

Déijéineg déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun 5 ass ugeholl mat 30 Jo-Stëmmen an 29 Nee-Stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

*Ont voté oui: MM. Jean-Marie Halsdorf, Laurent Mosar, Mme Nelly Stein et M. Nicolas Strotz;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel (par Mme Simone Beissel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

***Motion 6***

M. le Président.- Mir kommen elo zur Motioun 6 vum Här Ben Fayot.

***Vote***

Déijéineg déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun 6 ass verworf mat 34 Nee- a 26 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Marco Schank), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. John Schummer),, MM. Jeannot Belling (par M. Niki Bettendorf), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

***Motion 7***

An elo d'Motioun 7 vum Här Robert Garcia par main levée.

***Vote***

Wie fir d'Motioun 7 vum Här Garcia ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, dass déi Motioun eestëmmeg ugeholl ass.

Domadder hätte mer dee Punkt do erleedegt a mir fuere weider mat eisem Ordre du jour. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5130 iwwert d'Prestataires de soins. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Hären Halsdorf, Di Bartolomeo, Schroell, Gibéryen, Huss, Urbany, Krieps a Colombera.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Niki Bettendorf.

## 2. 5130 - Projet de loi modifiant le chapitre V „Relations avec les prestataires de soins" du livre Ier du Code des assurances sociales

***Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale***

M. Niki Bettendorf *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Rapporteur vun dësem Projet de loi wëll ech fir unzefänken alle Memberen aus der Kommissioun e grousse Merci ausprieche fir déi excellent Mataarbecht un dësem Projet, a besonnesch muss ech eise Sekretär, den Här Martin Bisenius, ervirsträichen an him merci soe fir seng aussergewéinlech gutt, excellent Aarbecht.

Initialement waren déi Dispositiounen, déi an dësem Projet dra stinn, schonn am Gesetz vum Rentenajustement enthalen. Den 10. Dezember 2002 huet awer de Conseil d'Etat insistéiert dat net esou ze maachen, fir enger méi grousser Consultatioun Plaz ze loossen.

***(M. Jean Asselborn prend la Présidence)***

D'Chamberkommissioun Gesondheet a Sécurité sociale ass mat op dee Wee gaangen an huet d'Regierung gefrot, fir e separate Projet op den Instanzewee ze ginn. Dat geschitt mat dësem Projet, wou et ëm d'Indexatioun vun der Valeur vun de Lettres clés geet vun den Dokteren, den Zänndokteren an awer och anere Prestataires de soins. Wéi et am Joer 1997 op der europäescher Cour de Justice d'Arrêten Decker/Kohll goufen, huet dës Jurisprudenz d'Diskussioun relancéiert, wat d'Relatiounen tëschent der Krankekeess an den Dokteren an Zänndokteren ubelaangt. Dës Jurisprudenz huet bei der AMMD, dat heescht der Associatioun vun den Dokteren an den Zänndokteren, fir vill Opreegung gesuergt. Et gouf gefäert, datt d'Méiglechkeet sech ambulant am Ausland behandelen ze loossen an hei am Land remboursëiert ze ginn ëmmer méi zu enger flagranter Diskriminatioun vun eise Prestatairë par rapport zu den europäesche Prestatairë géif féieren.

De Regierungsprogramm vun 1999 huet dofir eng genau Analys vun dësen Arrêtë virgesinn. Schonn direkt am Oktober 1999 gouf en éischte Groupe de travail agesat, fir déi juristesch a finanziell Répercussioune vun dësen Arrêten ze ënnersichen. En zweeten Aarbechtsgrupp gouf no der Quadripartite vum Oktober 2001 chargéiert, folgend zwee Voleten ze behandelen. Éischtens d'Revendicatioun vun der AMMD, de Conventionnement généralisé opzeginn an alternativ Modeller virzegesinn, an zweetens verschidden aner Revendicatioune vun der AMMD ze préiwen, wéi d'automatesch Indexupassung vun den Tariffer vun de fräischaffende Prestataires de soins.

Opgrond vun de Konklusioune vun dësem Grupp an deem d'Sozialpartner, d'Regierungsvertrieder an d'Doktere vertruede waren, huet de Regierungsrot am Juli 2002 beschloss de Conventionnement obligatoire bäizebehalen. Well awer keen Accord tëschent de Sozialpartner fonnt gouf, wat déi aner Revendicatioune vun der AMMD ubelaangt huet, war d'Regierung gefuerdert ze reagéieren an op verschidde berechtegt Fuerderungen anzegoen. Et gouf erkannt, dass de Beruff vum Dokter a verschiddene Sparten net méi interessant ass an datt mer riskéieren an dëse Sparten net méi genuch Dokteren ze hunn. Aus dëser Optik eraus steet an dësem Projet de Prinzip vun der automatescher Indexupassung vun den Tariffer vun de fräischaffende Gesondheetsberuffer. Dës Indexéierung ass néideg, well d'Verhandlungen tëschent de Sozialpartner laang daueren an doduerch dës Beruffer ze spéit an de Genoss vun den Upassunge kommen, déi hinnen zoustinn.

Här President, d'Noutwendegkeet besteet fir e qualitativen Développement vun der medezinescher Offerte ze suergen. D'medezinesch Beruffer mussen attraktiv gestalt ginn an eis medezinesch Offer muss international kompetitiv bleiwen. Dat ass d'Ursaach firwat d'Regierung an dësem Projet d'Base légale virschléit fir iwwer Règlement grand-ducal selektiv Adaptatioune vun den Tariffer kënnen ze huelen. Dës selektiv Revalorisatioun entsprécht enger duerchschnëttlecher Augmentatioun vu 6,62%, an zwar 6,65% fir d'Dokteren a 6,47% fir d'Zänndokteren.

Ech zielen déi eenzel Adaptatiounen net op. Si stinn am Document parlementaire. Ech weise just op d'Verbesserungen hi fir Nuetsdéngscht, Sonndes- a Feierdagsaarbecht. Esou wéi all normale Bierger huet den Dokter d'Recht op gutt Konditioune wann hie schafft an déi aner feieren oder schlofen.

Déi eenzel selektiv Adapatatiounen am Kader vun dem Pak vu 6,62%, deen ausgehandelt gouf, si vun der AMMD virgeschloe ginn. Si sinn et, déi am beschte wëssen, wou an hire Beruffer de Schung dréckt. Mir kënnen eis awer virstellen, datt et bei hinnen net einfach war fir do den Arbitrage ze maachen. Also et ass keng linear Verbesserung, mä eng Majoratioun vun techneschen Akten, eng Verbesserung zum Beispill bei de Generalisten an de Consultatiounen a verschiddene Spezialitéiten, an och eng Revalorisatioun vu verschiddenen techneschen Akte vun Dokteren an Zänndokteren.

D'Fuerderunge vun der AMMD louche bei 12,43%. Dat ass awer vun der Regierung als exagéréiert zréckgewise ginn. Déi heiteg Revalorisatioun entsprécht deem, wat d'Regierung als opportun an objektiv noutwendeg gesäit fir déi accumuléiert Retarden auszegläichen, déi am Laf vun de Joren au détriment vun den Dokteren entstane sinn. De jährleche Präis zu Laaschte vum Budget vun der UCM chiffréiert sech op zirka 17,7 Milliounen Euro.

Ech kommen elo zu den Aarbechte vun der Santés- a Sozialkommissioun. Eis Kommissioun huet d'Aarbechte vun den Aarbechtsgruppe begleet a mir hu selwer Réunioune gehat mat der AMMD an de Gewerkschaftsvertrieder. Ech weisen op eis Sitzung hi mat der AMMD vum 25. Februar 2002, wou mer iwwert eng eventuell Reform vum Gesetz vum 27. Juli 1992 diskutéiert hunn an och d'Fro vum obligatoresche Conventionnement gouf debattéiert. Mir haten nach Entrevuë mat OGB-L, LCGB, CGFP a Patiente-Vertriedung. All Membere vun eiser Kommissioun haten en oppent Ouer fir d'Doléancen an d'Revendicatioune vun der AMMD.

All déi, déi un de Gespréicher deelgeholl hunn, hunn ënnerstrach datt d'Problemer, déi vum Corps médical opgeworf goufen, reell sinn an datt et misst zu enger Léisung kommen am Intérêt vun alle concernéierte Parteien.

Erwähne muss ech nach, datt den Déconventionnement vun den Dokteren an engem Débat hei an der Chamber den 29. Januar 2002 quasi unanime verworf gouf.

Här President, et ass kritiséiert ginn, datt Regierung mat den Doktere verhandelt an dëse Projet op den Instanzewee bruecht huet. Et gouf gefäert dëst Gesetz géif d'Procédures de négociation tëschent de Sozialpartner, esou wéi se am Gesetz vun 1992 festgehale sinn, ënnerhielegen. Unanimitéit huet bestanen, datt misst gehandelt gi fir d'Professions médicales ze revaloriséieren, awer et koum zu kengem Accord wéi ee kënnt dohinner kommen. Et koum zu kenger Médiatioun wéi se am Gesetz vun 1992 virgesinn ass, an dat gouf staark kritiséiert. Zu dëse Kritiken hält eis Kommissioun zréck, dass d'Relatiounen tëschent de Sozialpartner an der AMMD sech degradéiert hunn. De Klima war denkbar schlecht an nom Ofschloss vun den Aarbechte vun den agesatenen Aarbechtsgruppen huet sech erausgeschielt, datt keng Méiglechkeet géif bestoen zu engem Accord ze kommen. D'Regierung war konfrontéiert mat Streikdrohungen an huet dofir missen hir eege Verantwortung iwwerhuelen. Et war dofir opportun an noutwendeg, datt de Législateur befaasst gouf mat engem Pak vu Moossnamen, Moossnamen, déi sech manifest opgedrängt hunn.

Dës Initiativ ass als eemoleg unzegesinn, justifizéiert sech duerch d'Gegebenheeten déi sech an dëser spezifescher Situatioun erginn hunn. D'Tarifautonomie, esou wéi se am Gesetz vun 1992 festgeschriwwe steet, gëtt heimadder net a Fro gestallt. Ech kann nach bäifügen, datt et schonn zu ähnlechen Adaptatioune koum, an zwar am Intérêt vun den Infirmieren an awer och au détriment vun de Laboratoiren.

Dëse Gesetzesprojet beinhalt de politesche Wëlle selektiv dofir ze suergen, datt eis Bevölkerung och an Zukunft op motivéiert a gutt ausgebilten Dokteren ziele kann an enger Pénurie vun Dokteren a gewëssene Sparten entgéint ka wierken.

Dës legislativ Intiativ huet sech imposéiert, well et kloer war, datt d'Sozialpartner net zu engem Accord kéimen, an esouguer wann et zu engem Accord komm wär, hätt awer misse légiféréiert gi fir d'Gesetz vun 1992 ze adaptéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zu der Finanzsituatioun vun der Union des Caisses de Maladies. Verschidde Memberen aus eiser Kommissioun hu verlaangt fir aktualiséiert Chiffrë vun der UCM ze kréien, an dat aus der Siicht vun de Mehrkäschten, vun eiser Ekonomie, wou et méi lues dréint, dem Aarbechtsmaart, dee stagnéiert, an de Revendicatioune vun den neie Spideeler. Et wär net akzeptabel fir nei Fräen ze engagéieren an d'Assuréën am Zweifel ze loossen, datt wann d'Reservë vun der UCM opgebraucht wieren, se misste méi héich Cotisatioune bezuelen oder et zu enger Minderung vun de Prestatioune kéim.

D'Kommissioun huet ënnerstrach, datt budgetär Projektiounen am Kader vun de Krankekeese ganz schwiereg sinn, an datt d'Konditioune vun der Stee permanent évoluéieren. Et ass eng Tatsaach, datt déi finanziell Situatioun vun de Krankekeese sech kann degradéieren, mä dat däerf fir eis net ausschlaggebend si fir systematesch de legitime Fuerderunge vun enger punktueller Kategorie vu Gesondheetsberuffer auszewäichen.

Wat d'Budgetsprevisiounen ubelaangt, muss eng kloer Trennung gezu ginn tëschent de Prestations en espèces, also dem Krankegeld, an de Prestations en nature. De Budget fir d'Prestations en nature kann nach bis 2004 am Equiliber sinn. Do brauch also net direkt intervenéiert ze ginn. Wat d'Krankegeld ubelaangt, do verschlechtert sech d'Situatioun wesentlech, a fir 2003 ka scho mat engem Defizit vu 50 Milliounen Euro gerechent ginn.

Wann een dës Evolutioun kuckt, stellt ee fest, dass dës zwou grouss Budgetslinne musse getrennt bleiwen. Et kann een net weiderfueren den Defizit vum Krankegeld mat de Reserven en matière de prestations en nature ze kompenséieren.

Mir goufen och informéiert, datt d'UCM amgaang ass eng Etüd ze maachen, ier datt kënne Mesurë geholl ginn dës negativ Evolutioun a puncto Krankegeld, also de Prestations en espèces ze stoppen. Déi Mesuren, déi mussen an d'A gefaasst ginn, sinn déi folgend: Den ongerechtfertegten Absentéismus muss bekämpft ginn, och mussen d'Abüe vu verschiddenen Entreprisen ënnerbonne ginn, soss kréie mer d'Prestations en espèces ni an de Grëff, an dat au détriment vun enger gudder Medezin hei zu Lëtzebuerg.

Well dëst Gesetz eng politesch Décisioun duerstellt, ware verschidde Membere vun eiser Kommissioun der Meenung, datt d'Käschte missten iwwert de Statsbudget lafen amplaz dem Budget vun der UCM. D'Kommissioun huet dozou bemierkt, datt bei der leschter strukturneller Reform 1999 d'Participatioun vum Stat definitiv op 37% festgeluecht gouf. Doduerch ass d'Participatioun bei wäitem méi héich wéi wann den ale System bestoe bliwwe wier. De Surplus vun der Contributioun vum Stat beleeft sech fir d'Joren 2002 an 2003 op 48 Milliounen Euro.

Här President, dat favorabelt ekonomescht Ëmfeld huet zënter laangem d'Finanzéierungsproblemer vun de Santéskäschte camoufléiert. D'Medezin mécht fulgurant Progrèsen. Déi medezinesch Apparate ginn ëmmer méi performant, méi deier. Mir bauen nei Spideeler an d'Demande fir all déi Saachen ze gebrauchen, déi steigt permanent. Domadder ass et kloer, datt et illusoresch ass ze gleewen, datt d'Santéskäschte kënnten niddreg bleiwen, wann eist Land à la pointe du progrès médical wëllt bleiwen.

Dat ass eng Gesellschaftsfro, déi beäntwert muss ginn. Wëlle mer eng bëlleg Medezin, oder eng Medezin déi um Topniveau ass? D'Fro gëtt vun onse Bierger beäntwert. All Mënsch wëllt déi beschte Medezin, an déi kascht. Och déi eeler Semestere mat der Pensioun wëllen eng Topmedezin. Si géife jo nach gär e bësse méi laang vun der Pensioun profitéieren. Här President, dat do steet net a mengem Rapport, mä ech hu mer erlaabt dat elo nach esou bäizefügen, fir eng Kéier e bëssen ze ënnerbriechen. Op alle Fall ass et en Equiliber, dee schwéier ze fannen ass.

Här President, ech kommen elo zu den Avisë vun de Beruffskummeren. D'Chamber vun de Fonctionnairen ass averstane mam Projet de loi. Si si fir eng qualitativ besser medezinesch Offer, fir international Compétitivitéit an d'Fidélisatioun vum Patient hei am Land.

D'Chambre de Travail ass géint déi automatesch Indexatioun a mengt de Käschtepunkt misst zu Laaschte vum Statsbudget goen. D'Chambre de Commerce schwätzt vun engem Coût exorbitant a wëllt déi automatesch Indexupassung net.

D'Chambre des Métiers ass géint de Projet, well hei déi legal a konventionell Mechanismen net géife spillen.

D'Chambre d'Agriculture weist op hir prekär finanziell Situatioun hin.

D'Privatbeamtekummer schwätzt sech net iwwert déi automatesch Indexéierung vun den Tariffer aus a seet och näischt zur selektiver Adaptatioun vu verschiddenen Tariffer. Si fënnt d'Aart a Weis net gutt wéi d'Décisioune geholl gi sinn a mengt de Stat misst d'Käschten iwwerhuelen.

Ech kommen elo zu dem Avis vum Conseil d'Etat.

***(Interruption)***

Richteg, et sinn der zwee.

De Conseil d'Etat limitéiert seng Observatiounen op d'Artikelen 2 a 6 vum Projet. Am Artikel 2 geet et ëm d'Indexatioun vun den Tariffer vun de Prestatairen, déi am Régime libéral praktizéieren. De Conseil d'Etat stellt fest, datt dëse Projet géif un eng Regelung uknäppen, déi an den 80er Joren abandonnéiert gi wier. E weist op den Exposé des motifs vum Gesetz hin, dee seet, datt d'Prestatairen d'Käschten ze droen hunn, déi se eréischt kënne récupéréieren no sensible Retarden, wann déi tarifär Négociatiounen ofgeschloss sinn. Bei dëse Käschten dréint et sech zum Beispill ëm d'Gehaltserhéijunge vum Personal vun den Dokteren oder engem Bail commercial, deen indexéiert ass.

De Conseil d'Etat freet sech, ob d'Indexupassung net kënnt als eng allgemeng Mesure ugesi ginn, déi sech op aner Wirtschaftszweiger kënnt ausdehnen.

De Conseil d'Etat freet sech, ob et net besser gewiescht wär de Sozialpartner dës Diskussioun ze iwwerloossen, mä en opposéiert sech der Mesure déi virgesinn ass net.

Här President, d'Observatioune vum Conseil d'Etat, d'Indexatioun vun den Tariffer wier an den 80er Joren opgi ginn, ass nëmmen deelweis richteg. Deemools war d'Adaptatioun vun den Dokteschs-Honorare mat der Adaptatioun vum Punktwäert vun de Fonctionnairë gekoppelt.

Dir Dammen an Dir Hären, fir de Conseil d'Etat ass den Artikel 6 déi Dispositioun am Gesetz, déi am meeschten discutabel ass. Duerch den Artikel 6 gëtt et méiglech gemaach, iwwer Règlement grandducal eng selektiv Adaptatioun virzehuele mat engem Plaffong vu 6,7%. De Conseil d'Etat fäert heiduerch géif d'Commission de nomenclature court-circuitéiert ginn an e kritiséiert d'Méiglechkeet vun der Retroaktivitéit. Hien ass der Meenung heiduerch géif en Déséquiliber entstoen an dem Rapport tëschent der UCM an de Prestataires de soins, déi laut Gesetz vun 1992 selwer missten eens ginn. De Conseil d'Etat fäert, datt elo deen een oder deen anere Partner sech ëmmer direkt géif un de Stat wenden, fir mat deem eens ze ginn.

De Conseil d'Etat ass also ganz kritesch mam Artikel 6, mécht awer majoritairement keng Opposition formelle. En Avis séparé, dee genau deeselwechten ass, just wou de leschte Saz aneschters ass, en Avis minoritaire also, dee mécht zum Artikel 6 eng Opposition formelle.

Här President, d'Kommissioun geet net méi op d'Observatioune vum Conseil d'Etat an. Si huet am Detail explizéiert firwat huet misse légiféréiert ginn ausserhalb vum Gesetz vun 1992. Et ass eng Mesure législative exceptionnelle. Et gëtt hei dérogéiert, well et déi eenzeg legislativ Méiglechkeet war fir aus der Sakgaass erauszekommen, an déi sech d'Sozialpartner eramanövréiert haten.

Wann de Conseil d'Etat d'Retroaktivitéit vun de Mesurë kritiséiert, muss awer gesot ginn, datt et keng retroaktiv Fixatioun vun den Tariffer gëtt „opposable aux assurés et aux caisses de maladie". Et ass eng Korrektur fir d'Retarden auszegläichen, déi sech accumuléiert hunn. Esou Korrekture gëtt et regelméisseg, och wann am Kader vum Gesetz vun 1992 d'Partner sech net eens ginn an déi nei Tariffer net kënnen a Kraaft trieden, well eben d'Prozedure vu Mediatioun an Arbitrage ze laang Zäit brauchen.

Zum Schluss, Här President, erënnert eis d'Kommissioun drun, datt am Rumm vum Gesetz vum 1.1.2002 och dérogéiert gouf au détriment vun de Laboratoiren an en faveur vun den Infirmieren. Do gouf et eng Retroaktivitéit op den 1. Januar 2001, ouni datt de Conseil d'Etat d'Retroaktivitéit kritiséiert hätt. Wat hei gemaach gëtt ass also näischt Neies.

Voilà, Här President. Ech mengen, ech hätt elo de Projet vun alle Säite beliicht an hoffen, datt en eng grouss Zoustëmmung fënnt.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bettendorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, einleitend verdéngt de Rapporteur, den Här Niki Bettendorf, Rapporteur vum Projet de loi 5130, e Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport zu engem leschte Projet virun der Summerpaus.

Tatsächlech si mer haut mat enger Gesetzesinitiativ befaasst, déi a sech net weltëmwerfend ass. Si huet e punktuelle Charakter an de finanzielle Volet läit bei 17,7 Milliounen Euro, an dach huet se vill Wand gemaach an der legislativer Prozedur.

Ass dat well se op e Gesetz zréckgeet aus dem Joer 1992, d'Gesetz portant réforme de l'assurance maladie et du secteur de santé, vum 27. Juli 1992, e Gesetz dat deemools och just virun der Summerpaus, et war de 15. Juli 1992, d'Chamber passéiert huet.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).*- D'Universitéit och.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- D'Universitéit och, Här Rippinger. Gesitt Der, haut ass e groussen Dag.

E weidere Parallellismus am Kontext zu dësem Gesetz ass en Dokteschstreik, deen 1992 stattfonnt huet an deen dës Kéier wierklech och an der Loft hung. Schliesslech gouf et och deemools eng Opposition formelle, deemools ass drop reagéiert ginn. Dës Kéier hu mer och eng Opposition formelle an engem Avis minoritaire an d'Kommissioun, de Rapporteur huet et elo just gesot, war dës Kéier domat d'accord an der Linn weiderzefueren, wéi d'Regierung de Projet virgeluecht huet.

Kloer ass, den Toun ass lancéiert, mä wa sozial Errungenschaften um Spill waren a sinn, wa sozialen Ofbau gefäert ginn ass, war nach ëmmer eppes lass, an dat net nëmmen hei zu Lëtzebuerg.

D'Auswierkunge vum heitege Gesetz sollen esou sinn, datt eventuell zukünfteg Aboussen an de Leeschtungen am Gesondheetswiesen am Raum stinn.

Wéi stellt sech elo d'CSV zu dësem Dossier? Tatsaach ass, dass d'Medeziner onzefridde sinn. Si fannen, datt hir Leeschtungen net esou finanziell honoréiert gi wéi se sech dat virstellen. Dat soen zwar och aner Beruffsstänn. Tatsaach ass awer och, dass d'Gehälter vun den Dokteren am Verglach mat anere Beruffssparten, wéi zum Beispill d'Professeren, net terribel gutt do stinn, an dach sinn hir Aarbechtskonditiounen net einfach an d'Responsabilitéit ass grouss, sinn et dach Mënscheliewen, déi hei um Spill stinn. D'Medeziner hu laang Studien. Si musse vill Disponibilitéit weisen. D'Medeziner hunn en plus eng, jo ech géif esouguer bal soen déi Schlësselstellung an der Gesondheetsversuergung, an dat net nëmmen hei an eisem Land. Däers muss ee sech bei där heiter Diskussioun bewosst sinn.

Gutt Zesummenaarbecht ass nëmme méiglech an engem Ëmfeld wou de géigesäitege Respekt spillt. an dëst gëllt och besonnesch wa Problemer bestinn a Léisungen an d'A gefaasst musse ginn. Hei muss et e gesonden Equiliber ginn tëschent alle Partner. Jidderee muss d'Gefill kréien, datt e seriö geholl gëtt. An d'Gesetz vun 1992, wat ech elo grad uschwat hunn, setzt emol de Kader am Gesondheetsberäich.

D'Politik vun deemools wollt dass all Forces vives am Secteur sensibiliséiert a responsabiliséiert misste ginn. D'Autorégulatioun sollt an dësem Secteur spillen. Wéi huet de Rapporteur vun deemools, de Mars Di Bartolomeo, gemengt: „Mir si gutt beroden eis haut Instrumenter ze ginn, déi eis et erlaben, an Zäite wou d'Wirtschaft net méi esou schnell dréit, eng Qualitéitsmedezin fir all Lëtzebuerger zu engem akzeptable Käschtepunkt ze garantéieren. D'Finanzsituatioun vun de Krankekeese sanéieren, andeem mer awer d'Qualitéit vum Gesondheetswiesen erhalen, bezéiungsweis verbesseren. Et gëtt keng Patentléisungen. Dëst Gesetz ass nëmmen e Kader, wou et vun de Partenairen ofhänkt fir se ze beliewen. De Lëtzebuerger Modell muss sech och elo an de praktesche Ausféierungen eréischt bewähren. Wann dat net geschitt, da musse mer an e puer Joer légiféréieren, an da geet et net mat Sensibiliséierung a Responsabiliséierung duer."

Dës puer Zitatioune vum deemolege Rapporteur setze ganz kloer de Kader vun deem wat mer eis deemools erwaart hunn, an dat ass haut och nach wouer.

Deemools hate mer eng optimal qualitativ éischtklasseg Leeschtung am Rapport zu de Cotisatiounen. Mir hate fräi Wiel vum Prestataire de soins a fräi Wiel vum Spidol. Mir hate keng Zweeklassemedezin, mir haten eng obligatoresch allgemeng Konventionéierung vun alleguer de Prestataires de soins. Mir haten déiselwecht Cotisatioune fir alleguer d'Assuréën, gläich Leeschtunge fir all Assuréën zu Lëtzebuerg, de Prinzip vun der liberaler Medezin an de Paiement à l'acte vun den Dokteren, an dëst ass och nach haut esou.

Deemools wollte mer eng Planification hospitalière, e modernt Spidolswiesen, e generaliséierten Tiers-payant, eng Fleegeversécherung. Deemools war villes e Wonsch, eng Visioun. Haut, zéng Joer méi spéit, si mer um richtege Wee. Well villes ass wierklech realiséiert ginn an trotzdeem stinn nach vill Froen am Raum, well nun emol eis Gesellschaft séier évoluéiert, a besonnesch am Gesondheetssecteur. Deemools wollt jiddereen eng IRM, haut ass dat praktesch esou. Et huet nach keen deemools vum PET, vum Positronenemissiounstomograph geschwat. De Centre de radiothérapie, als eenzeg Institutioun am Land, war nach net konkret am Kapp, grad esou wéi den nationalen Zentrum fir Häerzchirurgie.

De regionale Kontext vun der Medezinversuergung war nach net esou present an et gouf och nach keen Decker/Kohll-Uerteel. Wëllt een awer an esou engem internationale Kontext mathalen, da brauch ee motivéiert Leit a besonnesch motivéiert Fournisseurs de soins, spréch also Dokteren.

Gewosst ass och, dass am Joer 2002 160,7 Milliounen Euro am Ganzen, dovu 67,6% vun den Ausgaben am Ausland, duerch Grenzgänger getätegt gi sinn. Gewosst ass och, dass an där Period vun 1997 bis 2002 den duerchschnëttleche Wuesstumstaux vun den Ausgabe fir Auslänner bei 10,4% läit an dass dësen Taux liicht méi héich ass, an zwar 0,5%, wéi dat jährlecht Zouhuele vu Grenzgänger, well dëse läit bei dëse Leit am Fong geholl bei 9,9%.

D'Ausgabe fir d'Behandlung am Ausland no Iwwerweisungen oder Autorisatioun vum Contrôle médical geet och weider an d'Luucht, mä net méi esou schnell säit et den INCCI, also d'Häerzchirurgie, an och d'Radiothérapie gëtt, dat heescht also säit 1999/2000. Et sinn ëmmerhin nach trotzdeem 13.000 Leit, déi vu Consultatiounen, Examen, ambulatoreschen a stationäre Behandlungen, Kuren an Analysen am Ausland profitéieren. 1998 waren et der schonn 9.000. Dës puer Zuelen hunn ech lech zitéiert, fir ze weisen datt den auslännesche Maart évoluéiert, datt also ëmmer méi Leeschtungen am Ausland bei auslännesche Medeziner stattfannen.

Eise Gesondheetssystem, dat ass gewosst, ass kee Système fermé am ekonomesche Sënn vum Wuert. Et gëtt also hei ganz kloer Fuiten. An dës Evolutioun gouf jo och vun der AMMD ugeféiert a motivéiert, och déi finanziell Upassungen, déi mer haut am Gesetz hei solle virhuelen.

E weidert Argument, dat vun der AMMD ugeféiert gëtt an dat d'Doktesch-Haussë soll justifiéieren, ass dat, dass am Fong geholl mir net d'accord waren déi vun den Doktere gewënschten Dekonventionéierung politesch hei duerchzezéien. An der Chamber hate mer an der Diskussioun eng grouss Majoritéit, déi dat net wollt. Schliesslech sinn och d'Statistiken iwwert d'Zuel vu Medeziner, déi hei am Land praktizéieren, net méi berauschend. Ech erënneren an ech hunn nogelies, dass 1992 nach vill vun deene Politiker, déi hei um Riednerpult stoungen, geschwat hu vun enger Iwwerschwemmung vun auslännesche Generalisten hei zu Lëtzebuerg. Dat ass wierklech dohinner gestallt a gefäert ginn. Wann een haut awer kuckt, dann ass dat net esou. Esou ass et och net méi, well de Medeziner als Hausdokter och aneschters évoluéiert huet, well ëmmer méi Leit an d'Urgencen an a Poliklinicke vun de Spideeler passéieren. Aso sinn et och manner Bierger, déi op Hausdokteren zréckgräifen.

Tatsaach ass awer, wéi ech gesot hunn, dass d'Zuel vun de Medeziner zréckgeet an deene verschiddene Beräicher an dass mer kloer Pénurien hunn. Ech hunn hei d'Zuele vum Gesondheetsministère. Dës Zuele sinn anescht wéi déi vun der AMMD oder och vum Collège médical, mä trotzdeem weise se munches.

An eisem Land gëtt et, wann een all d'Medeziner hëlt, 1.481 Stéck un der Zuel. Wann een awer nëmmen déi hëlt, déi direkt mam Patient schaffen, dat heescht et zitt een all déi of déi bei der UCM sinn, bei de Ministèren, beim Contrôle médical an esou weider, da bleiwen nach 1.364 Medeziner. Dovunner sinn am Ganzen, wann ech just déi huelen, déi mat de Leit schaffen, 328 Generalisten a 735 Spezialisten. Dat sinn 1.063 Persounen. Doniewent hu mer da 735 Zänndokteren. Wann ech dat op eis Bevölkerung mat 450.000 Leit bezéien, da kréie mer 236 Dokteren op 100.000 Leit. Am Ausland gëtt et och Chiffere vun der OMS. Si sinn net 100%eg comparabel, well am Fong geholl d'Selektiounskritären net ganz genau déiselwecht sinn. Mä wann ech Iech soen, wéi se sech weisen a wéi se sech duerstellen, da gesäit een awer, datt mer wierklech do hannendrun hänken.

Ech hat Iech gesot, mir hätten hei zu Lëtzebuerg 236 Dokteren op 100.000 Leit. Wann ech eis belsch Frënn huelen, déi hunn am Ganzen 413,70 Dokteren op 100.000 Leit. Dat ass en décke Batz méi.

Wann ech eis franséisch Frënn huelen, déi si bei 328,37 an déi däitsch bei 358,40 Dokteren op 100.000 Leit. Dat beweist also ganz kloer, dass mer zu Lëtzebuerg eng Pénurie hunn, dass mer net esou gutt do sti wéi d'Länner ronderëm, a wa mer kucke wéi et am Ausland évoluéiert, zum Beispill a Frankräich, et ass och do gewosst, dass d'Zuel vun de Medeziner zréckgeet. Am Joer 2020 gëtt a Frankräich gerechent, dass déi och nëmme méi 250 Dokteren op 100.000 Leit hätten an ab 2004 soll et bei de Fransousen zréckgoen. Si hu grad wéi mir Pénurië vu Spezialisten a si hunn och Géigenden, wou am Fong geholl keng Medeziner sinn, an do musse mer alleguerten Imaginatioun hunn, grad wéi d'Fransousen. Mir Lëtzebuerger och sollten iwwerleeën, ob een do net vläicht esouguer Méiglechkeete soll ginn, dass ee kann am Parcours seng Spezialitéit änneren. Sollt een net d'Quotaen asetzen a Spezialitéiten a sollt een och net Primë gi fir verschidde Medeziner, wa se sech a verschiddene Géigenden oder a verschiddene Sparten engagéieren.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Wann ech dat Ganzt da vun den Zänndoktere kucken, do sti mer gutt do. Do hu mer en Duerchschnëtt op 100.000 Leit vu 66,88. Mir hunn am Ganzen 301 Zänndokteren am Land. Do hunn d'Fransousen der 68,52, 76,77 an Däitschland an 58,27 an der Belsch. Do ass also net dee Bedarf, dee mer hu bei den normalen Dokteren an och am Besonnesche bei de Generalisten, wou ee muss feststellen, an dat soll och emol eng Kéier hei an der Chamber gesot ginn, wann een d'Kantonen Esch a Lëtzebuerg hëlt, da sinn do eleng 170 Medeziner vun 328 Stéck. De Rescht vum Land huet also knapp 158 Generalisten. An dat ass ganz kloer, do muss d'Politik Imaginatioun weisen an do kann och dës Moossnam, déi mer haut huelen, eng Signalwierkung hu fir dobaus-

sen eng Bewusstseinserweiterung ze kréien, datt mer nees Leit kréien, déi Medezin studéieren.

Wat ech och festgestallt hunn, dat ass datt an deene Lëschten, déi ech hu vum Ministère, zum Beispill am Veianer Kanton dräi Generaliste sinn a keen Zänndokter. Dat sinn d'Donnéeë vum Ministère. Wann ech awer dem Telefonsbuch gleewen, dat vun Editus erauskomm ass, do gesinn ech awer datt een Zänndokter zu Veianen ass. Also ginn ech dovun aus, datt et een do gëtt. Ech zéien doraus d'Schlussfolgerung, datt déi verschidde Lëschten, an et ass gewosst, déi vun der AMMD, vum Collège médical a vum Gesondheetsministère musse koordinéiert ginn, fir datt mer déiselwecht an déi richteg Donnéeë kréien.

Ech hat gesot, mir hunn och verschidde Beräicher wou Spezialiste feelen, an do gëtt jo och punktuell opgewäert. D'Pediatrie: Et ass gewosst datt mer do eng Pénurie hunn. Mir hunn zwar am Land 55 Pediateren. Dovunner sinn der 43 an de Kantone Lëtzebuerg an Esch, an do gëtt jo eng Tarifupassung gemaach. Datselwecht gëllt dann an der Ophtalmologie. Do hu mer der 43 am Land. Do sinn der 32 an de Kantonen Esch a Lëtzebuerg. An an der Dermatovénérologie, dat sinn d'Hautdokteren, do hu mer der 22 am Land. Do sinn der eleng 19 an de Kantonen Esch a Lëtzebuerg. Et sinn nëmmen dräi Stéck soss am Land verspreet, an zwar zwee am Kanton Dikrech an een op Lëtzebuerg Campagne.

Et gesäit een also, datt déi punktuell Upassunge vu Consultatioune vu Spezialisten an dëse Beräicher, déi ech elo genannt hunn, dat heescht Pediatrie, Dermatologie, Ophtalmologie an och Anesthésie, wéi se am Artikel 6 virgesi sinn, kënne mëttelfristeg en dynamiséierten Effet kréien, an aus dëser Perspektiv eraus ass dës Moossnam vertrietbar. Duerch dës Moossname kënnen d'Beräicher eventuell den Erwaardungen an de Besoinen an dësem Secteur opgestockt ginn. Och déi selektiv Revaloriséierung vu generellen Akten ëm 15%, dëst betrëfft jo besonnesch d'Generalisten, si ass och vetrietbar, well de Verdéngscht an d'Aarbechtskonditioune vun dëse Mënschen, wat ganz oft Idealiste sinn, sécher net iwwerdriwwe sinn. An och d'Upassunge vun den Akten an der Nomenclature, zum Beispill déi vu 60% vun den Akte fir nuets, sonndes a Feierdeeg, kënnen am Fong akzeptéiert ginn.

D'Membre vum Conseil d'administration vun der UCM mengen zwar, si wären net selektiv genuch. Do muss een awer feststellen, datt dës Revendicatioune vun der AMMD kommen. Dat ass jo dat representatiivt Organ vun de Medeziner. Also muss een dovunner ausgoen, datt dës Gewerkschaft d'Interesse vun hire Memberen nom Gläichheetsprinzip fir jiddereen d'selwecht vertrëtt, esou datt dëse Kompromëss, wéi en am Gesetz steet, dës Gläichhandlung no Besoinen erëmgëtt. Et bleift trotzdeem hei Klärungsbedarf an et sollt sech och deemnächst un den Dësch gesat gi mam Minister, fir d'Befierchtungen, déi opkommen, datt et am Hierscht beim Opstelle vum nächste Budget vun der UCM, do gëtt jo gemengt déi finanziell Situatioun géif sech vun 2004 u verschlechteren, fir do eng kloer Sprooch ze schwätzen, fir also dës Befierchtungen wouer ze huelen an elo ze agéieren, an net eréischt méi spéit ze reagéieren.

Ech muss soen, an ech géif menge mir hätten dat néidegt Vertrauen an eise Gesondheetsminister, datt en do schnell seng Verantwortung hëlt. Dofir kann een och am Fong an esou enger Optik mat dëse punktuellen Upassunge liewen, à condition awer - dat ass och scho gesot gi vum Rapporteur - datt dës Upassungen e punktuellen an exceptionnelle Charakter hunn, well soss sprenge se effektiv an definitiv déi generell Logik vum Gesetz vun 1992 an och déi bewäerte Quadripartite, déi jo duerch dëst Gesetz entstanen ass, déi zwar nëmme Propositioune maache kann a keng Décisiounkraaft huet, soss ass dës Lëscht nach just eng Farce.

Wat d'Form vun der Démarche ugeet, wëll ech och nach eng Kéier un d'Virgehensweis erënneren, wat de Rapporteur och gemaach huet d'lescht Joer, wou mer eis drun erënneren, wou mer UCM-Upassunge gemaach hu vun de Privatlaboen. Dës sinn och iwwer e Gesetz hei an der Chamber festgeluecht ginn an och mat Retroaktivitéit. Deemools war effektiv manner Oppositioun. Do ass och méi vu Recettë geschwat ginn, well d'Laboen hu jo misse méi abezuelen.

Wat elo déi automatesch Upassung vun de Leeschtungen un den Index ugeet, esou schéngt dës Démarche manner problematesch. An der Logik vum Gesetz vun 1992 huet d'Indexupassung vun de Lettres clés ëmmer bei de jährlechen Tarifnégociatioune stattfonnt. Ass den Index am Laf vum Joer geklomm, esou ass da mat Déphasage nogezu ginn. Elo verschwënnt dësen Déphasage. Esou schnell den Index effektiv klëmmt, esou schnell gëtt dann och tarifaire ugepasst. Hei gesinn zwar d'Chambres professionnelles Problemer. Ech muss awer feststellen, wann d'Krankekeeseleeschtungen indexéiert ginn, ouni datt se am Index immuniséiert ginn, da wierkt dat inflatiounsdreiwend. Allerdéngs bréngt dat net wierklech den Euro a Gefor.

Ech wëll domat soen, datt dat am Fong geholl den Haaptproblem ass vun dëser Démarche. Wéi vill genee d'Inflatioun wäert vun der Tarifindexéierung beaflosst ginn, dat muss eis effektiv d'Zukunft weisen.

Ganz wichteg an dësem Kontext sinn déi individuell Rapporten iwwer medezinesch Aktivitéiten, déi mam Gesetz vun 1999 agefouert goufen. Iwwert dës soll jo d'Netbëuechte vu medezinesche Referenze bei eenzelnen Dokteren direkt bekämpft a sanktionéiert ginn. Esou e Projet gouf vun der UCM zesumme mam Contrôle médical ausgeschafft an dëse muss schnellstens ëmgesat ginn. Hei kréie mer eng gewësse Garantie vun enger bonne pratique médicale. Hei kënne mer wierklech iwwerdriwwen Ausgabe vermeiden. Si sinn e wichtegt Element an der Autoregulatioun.

Dëse Projet muss och Ulass si fir deemnächst aner Elementer, déi eng qualitativ Medezin garantéieren, ze dynamiséieren. Ech denken hei zum Beispill un d'Formation continue am generellen an un eng Formation continue am Beräich vun de Soins palliatifs am spezifesche fir all Medeziner. Dëst ass och schonn am Gesetz vun 1992 verankert. Dëst hätt awer och kënnen dës Kéier an dësem Gesetz nach eng Kéier verankert ginn. Hei ass also elo d'AMMD an och de Ministère nach eng Kéier gefuerdert. Si mussen hir Responsabilitéiten huelen, datt mer hei weider kommen.

Verschidde professionell Kummeren hunn an hiren Avisen zum Gesetz verlaangt, well de Stat dës Erhéijungen eesäiteg décidéiert hätt, misst hie mat Steiergelder, also mat budgetäre Mëttele begläichen. Mir sinn der Meenung, dës Participatioun vum Stat, wa se iwwerhaapt erhéicht soll gi fir d'Moossnamen ze finanzéieren, esou kann dëst nëmme geschéie par analogie zu 1999, an zwar an enger globaler Upassung, an enger Evaluatioun vum globale Secteur.

Positiv ass, datt duerch d'Moossnamen aus dem 92er Gesetz, an déi nodréiglech Upassung, de Gesondheetssecteur vill méi transparent ginn ass. D'Spidolslandschaft zum Beispill huet sech entwéckelt. Mir hunn elo Frais fixes, Frais variables, mir hunn e Budget prévisionnel. Hei gëtt et also e gewëssenen Duerchbléck.

Esou fënnt een och aner interessant Zuelen an deem UCM-Dokument iwwert d'Dekonte vun de Krankekeese vum Exercice 2002. Esou sinn zum Beispill déi pharmazeutesch Käschten aus dem Spidol vun 2001 op 2002 vun 105,4 op 115,6 Milliounen geklommen. Esou ass zum Beispill och gewosst, datt d'Zuel vun de Patienten, déi e Medikament kritt hunn, tëschent 2001 an 2002 nëmmen ëm 0,7% geklommen ass.

Dës Donnéeën an nach vill anerer maachen eng Planung méi einfach an doduerch ginn och aner Horizonten op. Elo gëtt et zum Beispill Méiglechkeete fir d'Ausgabe fir Infirmierssoinen am Kader vun der Fleegeversécherung ze analyséieren. Esou gesäit ee ganz kloer, wéi déi Fleegeversécherung, déi mer elo säit e puer Joer hunn, spillt. Esou stellt een och fest, datt zum Beispill säit 2000 un et praktesch keng Fäll vun Hébergement méi a Spideeler gëtt. Fest stellt een och, datt d'Ausgabe fir preventiv Medezin sech am Joer 2002 op 2,6 Milliounen Euro belafen. Dofir sinn e ganz Koup natierlech fir Impfungen, besonnesch Grippeimpfungen, mä hei besteet nach e groussen Entwécklungspotential.

Ech erënneren och nach eng Kéier - ech hunn dat schonn hei gemaach - un de Livre blanc, deen de Ministère an de Joren 1992/1993 erausginn huet, Santé pour tous. Hei heescht et och dës Publikatioun ze iwwerschaffen.

Aner wichteg Feststellungen am Dekont sinn, datt d'Ausgabe fir Prestations en espèces an der Krankeversécherung fir Employéen an Indépendantë kräfteg geklomme sinn. Dat ass scho beängschtegend, well am Beräich vun den Aarbechter si se regelrecht explodéiert. Hei ass och de Ministère an d'UCM gefuerdert. Hei muss onbedéngt direkt reagéiert ginn.

Gewosst ass awer och, datt de Gesondheetssecteur komplex ass an datt all d'Evolutiounen - de Rapporteur huet et och scho gesot - net direkt virauszegesi sinn. Gewosst ass och de Moment, datt et nach verfréit ass eng strukturell Analys iwwert d'Evolutioun vun de medezineschen Akte pro Kapitel a pro medezinesche Spezialitéiten ze maachen. Dëst wäert awer a muss deemnächst geschéien, wann detailléiert Zuelen iwwert d'Zuel vun de Medeziner an d'Zuel vun de Patienten disponibel sinn. Esou eng Analys ass wichteg a wäert nei Erkenntnisser an neie Spillraum bréngen an der Verdeelung vun de Krankekeesegelder.

Ech mengen, dës puer Beispiller weisen datt nach villes ze optimiséiere bleift, datt nach vill Upassunge geschéie mussen. Mat dësem Gesetz hu mer jo d'Leeschtunge vun de Medeziner am Spidolssecteur optimiséiert an et ass séier geschitt a gezielt. An et muss een nach feststellen, och haut, datt d'Verhandlungen am Kader vum 92er Gesetz nach ëmmer stiechen, datt se nach ëmmer an der Sakgaass sinn an datt dann doduerch, wann een dat esou hëlt, d'Gesetz vun 1992 seng Limitë kennt. Dofir waren dës Upassunge schonn noutwendeg, well esou behale mer déi gewësse Rou am Secteur, déi néideg ass.

Dësen Deal, dee mer haut hei stëmmen, entsprécht dem Lëtzebuerger Modell, der Lëtzebuerger Mentalitéit, déi konsensfäeg a kompromëssbereet ass. Mä d'Politik muss awer elo grad weider um Ball bleiwen. Och wann eise Statsminister, an Dir erënnert Iech alleguerte beim Etat de la nation dëst Joer am Fréijoer, et war den 20. Mee 2003, gesot huet, datt Cotisatiounserhéijungen definitiv ausgeschloss musse ginn.

Och wat d'Leeschtungen ugeet, gëllt et den héijen aktuelle Leeschtungsstandard zu Lëtzebuerg ze garantéieren. Ech soen et kloer, ech insistéieren: Dës lescht Fuerderung ass e weidere Garant, datt déi aner Sozialpartner aus dem Gesondheetssecteur weider am Konsensus am Lëtzebuerger Modell konstruktiv an effizient matschaffen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- De Konsens fonctionnéiert net méi wann een dem Secteur keng Moyenë gëtt. Da musst Der mer soe wéi een déi Moyenen da ka schafen, wa keng Beitragerhéijungen a wann ëmmer nei Belaaschtunge kommen.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV)*.- Ech hunn lech gesot wéi d'Konditioune vun der Stee sinn, Här Di Bartolomeo.

Deen héijen aktuelle Leeschtungsstandard zu Lëtzebuerg muss garantéiert bleiwen an et däerfe keng Erhéijunge kommen. An do, lauschtert mer no wat ech elo soen, dat ass eng Méiglechkeet an eng Sortie, an dësen héije Stand kann am Fong och mat deem neie Gesetz an erhéichten Tariffer weiderhi garantéiert ginn, wa mer den eigentleche Problem vun der Krankekeess, deen, dee mer haut scho massiv hunn, an de Gréff kréien. An dee Problem, dee mer haut hunn, ass dee vum Mëssbrauch, an et ass ganz kloer, dass dee muss méi staark kontrolléiert a sanktionéiert ginn. Hei besteet also en akuten Handlungsbedarf. Et däerf weder haut nach muer d'Gefor entstoen, datt eng Kéier d'Leit, déi wierklech medezinesch Hëllef brauchen, sech net méi kënnen drop verloossen, datt se déi och kréien, well ënnendrënner duerch Abüen, an déi ginn et, d'Finanzmëttele verschwonne sinn.

Jiddereen, dee seriö krank ass oder deen emol mat seriö kranke Leit ze dinn hat, wäert mer awer an dëser Warnung Recht ginn.

Esou einfach ass et wann een alles dat seet an alles dat gesäit wat ee muss gesinn an dësem Zesummenhank. Mir wëssen all, et steet vill um Spill wann et ëm d'Finanzéierung vun eiser Gesondheet geet, och d'Existenz an déi berufflech Perspektiv vun deenen, déi eis d'Gesondheet erhalen an nees hierstellen. Dofir musse mer alleguerten zesummeschaffen an dofir kann d'CSV dës Kéier hiren Accord zu dësem Projet de loi bréngen.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

***(Interruption)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Selbstverständlech net, Här Fayot.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir dass vun Ufank u kee Mëssverständnis opkënnt, wëll ech direkt am Numm vun der LSAP-Fraktioun festhalen, dass mir den Dokteren, déi e ganz haarde Beruff hunn, déi Verbesserungen, déi an dësem Gesetz festgehale ginn, gär vergënnen.

Dat ännert awer näischt drun, …

***(Interruptions diverses)***

…dass mer der Meenung sinn, dass dësen Dossier schlecht vun der Regierung géréiert ginn ass, an dass mat där vum Gesondheets- a Sozialminister gewielter Prozedur mer eis hei zu Lëtzebuerg am Krankekeesewiese méi Problemer schafe wéi mer der léisen. An ech explizéiere mech.

Dass mer eis ganz richteg och verstinn, hei geet et net nëmmen ëm Meenungsverschiddenheeten iwwert d'Form, mä och ëm staark inhaltlech Differenzen. Éischtens ass mat dësem Projet d'Problematik, déi sech eisen Dokteren an eiser medezinescher Grondversuergung stellt, net geléist. Déi reell Schwieregkeeten, déi am Beräich Generalisten a Pediateren, fir nëmmen déi ze nennen, hei zu Lëtzebuerg bestinn, si mat Tarifverbesserungen eleng net ze léisen, an ech wäert herno nach dorop zréckkommen.

Zweetens sinn de Minister a seng Mataarbechter eis bis haut Erklärunge schëlleg bliwwen, firwat dass se 2000 ganz fest entschlosse verséchert hunn, dass all Doktere missten e seriöse Beitrag fir d'Sanéierung vun de Krankekeesen, wéi och aner Partner - et ass virdrun am falschen Zesummenhank vun de Laboe geschwat ginn -, misste leeschten.

***(Interruption)***

Neen, ech bestreiden dat net, Här Weiler, mä ech géif an Ärer Plaz nolauschteren. Da bleiwen ech och vill méi fein.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ech maachen et wéi Dir, ëmmer nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Jo. Dunn, nodeem 2000 gefuerdert ginn ass, dass d'Doktere sollten en Affer bréngen, hunn d'Regierungsvertrieder an och hir Beroder an Aussicht gestallt, dass et kënnt zu engem Dekonventionnement oder engem Deeldekonventionnement kommen an 2002 schlussendlech a Parallellverhandlungen, laanscht d'Sozialpartner, d'Indexéierung an d'Erhéijung vun den Dokteschtariffer décidéiert hunn. Oder an anere Wierder, si hu just de Géigendeel vun deem gemaach wat si 2000 ugekënnegt hunn, an d'Explikatiounen, muss ech lech soen, hu mer an der Sozialkommissioun net kritt, ausser dass de Minister eis gesot huet, wa mer deemools gewosst hätte wat mer haut wëssen, dann hätte mer wahrscheinlech dat net gemaach. Dat ass gutt gesot, mä wa se deemools dat net gesot hätte wat se 2000 gesot hunn, wat d'Affere vun alle Prestatairen ugeet, dann hätte se wahrscheinlech och keen Accord mat de Verséchert kritt.

***(Interruptions diverses)***

Dofir kommen ech dann herno nach eng Kéier dorop zréck. Et bleift dass de Minister de Contraire vun deem gemaach huet wat hien 2000 ugekënnegt huet.

Drëttens léisst de Minister soen, dass en dozou bäigedroen huet d'Krankekeesen ze sanéieren, an e seet och dass en 1999 de Beitrag vum Stat gehuewen huet. Wann een dat Ganzt awer e bësse méi genee hannerfreet, da muss ee feststellen dass mer a Wierklechkeet net mat sanéierte Krankekeesen ze dinn hunn, mä a Wierklechkeeet op seriö Problemer steieren, Problemer géint déi d'99er Problemer Kinkerlitzercher waren, a wann Der noliest wat d'berodend Instanzen, och de Conseil économique et social, soen, schwätze se vu ganz düsteren Aussichte fir eis Krankekeesen.

Véiertens riskéieren déi parallell Verhandlungen, wéi se elo gefouert goufen, Schoul ze maachen, an et géif mech zum Beispill net wonnere wann dee Sozialkonflikt an de Spideeler op eemol virun de Minister gedroe géif ginn. Wann een am Spidolssecteur keng Eenegung fënnt, da gi mer bei de Minister. Mam Minister gi mer méi einfach eens. Et géif mech also net wonnere wann aner Beispiller géifen nokommen.

Wou mer awer mat deene Beispiller dee Modell vu Selbstverwaltung, vu Verantwortungsdelegatioun un d'Sozialpartner definitiv géife begruewen, an erënnert Iech firwat dass 1992 och déi doten Décisioune gefall sinn, wa mer d'Viraarbechte vun der Krankekeesereform nach eng Kéier noliesen, dann hu mer dat gemaach fir net an allen Dossieren ëmmer dem politeschen Drock ausgesat ze sinn an anesch-

ters missten ze reagéieren, wéi mer eigentlech uewe mengen dass et misst sinn. An dee System, dee mer 1992 agefouert hunn, huet sech mat enger Rei vu Punkten, wou ech ganz gären zouginn, bewäert, awer net nëmme Punkte wou et drëm geet d'Tariffer ze erhéijen, mä och Punkte wou et drëm geet de medezinesche Progrès kënnen an d'Evolutioun vun de Krankekeesenausgaben eranzekréien. An Dir wësst, dass ech mech ëmmer dergéint gewiert hunn, dass mer déi doten Diskussiounen am Rahme vun de Krankekeesen ausschliesslech mam Brëll vun engem Kontabel kucken. D'Gesondheetsdiskussioune kann een net nëmmen aus der Vue vun engem Kontabel féieren, a si ginn aus der Vue vun engem Kontabel gefouert, well mer eben domat konfrontéiert sinn, dass d'Krankekeesen nëmmen eng Zomm X zur Verfügung hunn an dann ebe musse versichen déi Zomm X esou équilibréiert wéi méiglech ze verdeelen.

D'Regierung muss sech bewosst si wat se an deem heiten Domän lassgetrëppelt huet mat hirem Compromis politique, an dat ass am Exposé des motifs erëmzefannen, gëtt de System aneschtes. Et ass e Compromis politique, kënnt Der noliesen an dem Exposé des motifs.

Fënneftens waarde mer bis haut op seriö Donnéeën iwwert d'Entwécklung vun der Finanzlag bei de Krankekeesen. De Rapporteur ass drop agaangen. Ech gi ganz gären zou, dass et net evident ass fir ze vill exakt Prospektiounen ze maachen iwwer dat, wat op eis zoukënnt, mä mir hunn awer eng Rei vu politeschen Décisiounen an deene leschte Jore geholl a sinn amgaang eenzelner vun deene politeschen Décisiounen anzeweien. Mer mussen och dovun ausgoen, dass déi Aweiungen zu Folgekäschte féieren an dass dat Personal, wat do agestallt gëtt, déi 100 oder 200 zousätzlech nei Leit, déi gefrot sinn, dass dat alles och Konsequenze fir d'Krankekeesen huet.

D'Konte vun 2002, déi waren nach einegermoossen an der Rei, mä opgrond vun de Perspektive fir 2003 an 2004 musse mer mat ganz décken Defiziter rechnen, an dann däerf et sécher erlaabt sinn dass mer an der Sozialkommissioun eis Gedanken doriwwer maachen, well mer fäerten, an da si mer bei eisem sechste Punkt, dass wa mer mat Problemer bei de Krankekeesen ze dinn hunn, an d'Regierung awer ganz fest entschlosse seet - an dat ass virdru gesot gi vu mengem Virriedner -, dass Beitragerhéijungen absolut net an d'Këscht kommen, wa mer dann zousätzlech Ausgaben op d'Krankekeesen ofwälzen, da sot mer, wann ech gelift, wéi mer dann d'Qualitéit vun der Medezin, wéi mer de Progrès vun der Medezin, wéi mer déi zousätzlech Ausgabe solle finanzéieren, wa mer net gläichzäiteg spuere ginn.

An da si mer beim deem, wat haut ganz kloer no bausse gedroe ginn ass vun de Patronatsvertrieder, déi just op dat dote Signal gewäert hu fir net Leeschtungsofbau ze froen, fir net geziilt op onberechtegt Abüen anzegoe beim Absentéismus, mä fir dat hei als Prétexte ze huelen, fir den Absentéismus oder d'Krankmeldungen insgesamt an de Viséier ze huelen, an ech warnen do virdrun, dass mer an enger Situatioun wéi där heiten den décken Hummer huelen an dann all déi Leit culpabiliséieren, déi et woe krank ze ginn. Abüe gëtt et, mä déi muss ee mat kalem Kapp a vernünfteg ugoen.

***(Interruption)***

Ganz richteg, mä et däerf een awer net dat Ganzt iwwert de graffe Leescht huelen.

Wéi Dir dat doten elo maacht, bestätegt dat mech absolut a menge Suergen, an dofir woen ech dann eben déi domm Fro ze stellen: Wa mer soen, mir mussen d'Medezin weider op engem héije Stand halen, wa mer soe Beitragserhéijunge sinn ausgeschloss, an net op déi Iddi komme fir bei de Krankmeldungen eppes ze maachen, wéi, wann ech gelift, finanzéiere mer dat?

A wa mer eis da konsequent sinn an där Logik, da muss et zumindest erlaabt si fir ze soen, dass politesch Kompromësser, déi ausserhalb vun där normaler Verhandlungsprozedur lafen, vun deem solle bezuelt ginn, deen dee politesche Kompromëss mécht, fir net d'Keesen ze belaaschten an aner noutwendeg Fortschrëtter ze hypothekéieren.

M. Jean Colombera *(ADR)*.- Dat ass einfach geschwat dat doten, Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Méi hu mer wierklech net verlaangt, mä do komme mer nach eng Kéier drop zréck.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu virdru gesot, dass dëse Projet eleng d'Problemer vun engem Deel vun eisen Dokteren, well net jiddferee bei den Dokteren huet déiselwecht Problemer an net jiddfereen huet se an deemselwechte Mooss, net ka léisen, an och net kann de Problem vum zukünftege Mangel vun den Allgemengpraktiker a vun de Pédiatrë léisen. Dir wäert dach net mengen dass muer, iwwermuer oder iwwer-iwwermuer duerch déi Tariferhéijungen honnerte vu Leit sech an d'Carrière vum Generalist erastierzen. Do gëtt et e ganze Koup aner Problemer, déi mer mussen ugoen. Do ass zum Beispill dat, wat guer net beréiert gëtt, wat awer en immens wichtege Problem ass, d'Element Zäit bei de Consultatiounen.

Et ass zum Beispill d'Element Liewensqualitéit. An ech setzen Iech au défi: Firwat soll e Generalist, firwat soll e Pediater net d'Recht hu fir e Minimum vu Liewensqualitéit ze hunn? Wéi kann en déi Liewensqualitéit kréien? Mä doduerch dass een d'Pédiatren, doduerch dass een d'Generalisten encouragéiert fir méi staark wéi an der Vergaangenheet zesummen ze schaffen. Do gëtt et d'Beispill vun der Maison médicale, wou een eng Rei vun Dokteren huet déi zesumme kënne schaffen, déi sech ënnerenee kënnen ersetzen. Dat gëtt et am Centre des diagnostics.

M. Marco Schroell *(DP)*.- Här Di Bartolomeo, dat doten ass schonn um Lafen alles.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dann hätt Der eis dat sollen an där Diskussioun soen.

M. Marco Schroell *(DP)*.- Ech hu gemengt, Här Di Bartolomeo, Dir géift déi Saache kennen. Ech sinn och iwwerzeegt, Dir kennt se.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Ech verstinn net, firwat mer op engem Punkt sinn, wou mer dat klinescht Wiesen zu quasi 100% ënnerstëtzen, 80% iwwer Investitiounen duerch de Stat, 20% iwwer Investitiounen oder Amortissementer iwwert d'Krankekeesen, an et net fäerdeg bréngen, dat wat eng Rei vun eise Virgänger an de Gemenge gemaach hunn, Gemengen, déi wierklech eng extrem Pénurie haten an déi den Dokteren entgéintkomm sinn, fir se ze encouragéiere bei si ze kommen.

Dat sinn Iwwerleeungen, déi mer kënne féieren. Déi bréngen eis méi wäit wéi deen heite Projet eleng. Zouginn, et kann een Element sinn, mä et ass sécher net dat entscheedend an der Décisioun vu Leit, déi souwisou mussen e beispillhaft Engagement hunn.

Dann zur Methodik an zum Verlaf vun der Diskussioun. Ech erënneren, dass an deem Kontext 1999, wou d'Krankekeesen eng Rei vu Problemer haten, Décisioune geholl gi sinn, déi kengem esou richteg gefall hunn. D'Assuréën hu Leeschtungskierzunge missen hinhuelen, kleng Beitragserhéijungen. De Stat huet en Deel zousätzlech bezuelt, an haut seet de Minister, mir hu jo eise Beitrag 1999 gehéicht. Wat de Minister awer ni seet, dat ass dass virdrun duerch eng ganz Rei vu politeschen Décisiounen, déi vun dëser Chamber mat ganz grousser Majoritéit, wann net esouguer unanime gedroe gi sinn, nei Belaaschtungen op déi Krankekeesen zoukomm sinn. Ech nenne just d'Beispill vum Centre neuropsychiatrique, dee bis elo net ënnert de Kompetenzberäich an ënnert d'Belaaschtung vun de Krankekeese gefall ass, deen awer 1998 dra komm ass, a wou d'staatlech Bedeelegung eigentlech just eng Konsequenz war. Den Här Glesener wénkt mam Kapp an hien huet Recht, hie weess nach wéi déi Diskussiounen deemools verlaf sinn.

***(Interruptions)***

An där doter Saach hunn ech ganz vill Vertrauen.

Une voix.- Nëmmen an där doter Saach?

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Dir hutt net ganz Onrecht.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- An deem heite Fall soll ee sech net op d'Schëller klappen a soen, mir hunn de Beitrag gehéicht. Deeselwechten, deen de Beitrag gehéicht huet, an dësem Fall de Stat oder d'Regierung, huet och d'Belaaschtunge vun de Keese gehéicht, sou dass dat eng neutral Operatioun war. Mä deemools ass an deem Kontext gesot ginn: Dir musst eng Rei vun Affer brénge a mir garantéieren, dass déi Affer équilibréiert verdeelt ginn. Dat war deemools den Tenor. Et huet jiddfereen dat och akzeptéiert, méi oder manner, an et sinn och eng Rei vu Verhandlunge gefouert gi fir déi Afferen ze verdeelen.

An do, muss ee soen, huet d'Regierung bei den Dokteren op Granit gebass, well d'Doktere gesot hunn, ma bei eis ass d'Situatioun eng aner. Mir contestéieren, dass mir an der Situatioun si fir Affer ze bréngen. Mir sinn an enger Situatioun, wou mir Problemer hunn a wou et en Nohuelbedarf gëtt. Et kann een den Dokteren also net virwerfen, si wieren onkonsequent gewiescht, well si hunn deemools déi doten Argumentatioun gehat a si hu se och haut. D'Argumentatioun, déi gewiesselt huet, ass net déi vun den Dokteren, mä déi vun der Regierung, well d'Regierung deemools ganz kloer gesot huet, an ech zitéieren de Minister an engem Débat vum 14. November 2000: „Ech si fest dovun iwwerzeegt, dass vun den Dokteren eng Contributioun kënnt. Dat muss net déi sinn, déi mer proposéiert hunn, et muss eng sinn, déi an deem Ordre de grandeur ass wéi déi aner."

Dir wësst, wéi et weider gaangen ass. D'Regierung huet datselwecht gemaach am Ëmgedréinten, wéi se et elo mécht. Si huet e Gesetzesprojet bruecht fir d'Dokteren ze forcéieren Affer ze bréngen, mat deem Resultat wat Der kennt.

D'Dokteren hunn e Warnstreik gemaach. D'Regierung huet de Projet zréckgezunn an dunn huet de Minister eng Ouverture gemaach an huet gesot, mir kënnen iwwert den Dekonventionnement oder iwwert den Deeldekonventionnement diskutéieren.

Bon, de Minister ass relativ schnell eppes besseres beléiert ginn an deem doten Dossier, well hei an der Chamber, opgrond vun engem Débat d'actualité, eng kloer Fin de non-recevoir gi ginn ass fir en Dekonventionnement a fir d'Entrée, déi mir gefäert hunn - et ass contestéiert gewiescht, dass dat esou wär -, an eng Zweeklassemedezin. D'Chamber huet ganz kloer Faarf bekannt an de Minister huet dat och, mengen ech, ganz richteg verstanen an huet net méi insistéiert, mä huet awer doropshin, well den Drock vun den Dokteren objektiv do war, parallell Verhandlunge gefouert, wou d'Resultat vun haut erauskomm ass, an dat Resultat gëtt folgendermoossen definéiert: „Le Gouvernement considère comme objectivement nécessaire et opportun pour combler des retards accumulés au fil du temps dans la rémunération des prestataires de soins."

Ech hunn déi zwee Zitater geholl, dat eent Zitat vun 2000, dat anert Zitat aus dem Rapport vun der Sozialkommissioun.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Dat éischt Zitat betrëfft dat vun de Feeler vun de Virgänger. Dat zweet Zitat ass fir d'Zukunft geduecht.

***(Hilarité)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här Minister, ech si wierklech frou a glécklech, dass Dir selwer iwwert dat dote laacht, well domat geet et elo wierklech net méi duer. Dat do war déi Plack, déi Der konnt opleeën am Ufank wéi Der do waart. Elo sidd Der véier Joer do, Här Minister, a mir sinn elo an der Lag fir Iech mat Ären eegenen Inkonsequenzen ze konfrontéieren, an do geet et wierklech net méi duer, Här Minister, fir ze soen, dat Dëngen do oder précisement dat war et net, dat geet net méi duer. Dat geet effectivement net méi duer. Dir sidd am Moment an der Lag, dass Der no véier Joer opgrond vun Ären Aussoe vu viru véier Joer a vun haut gemooss gitt, an da kënnt Dir ëmmer nach soen, 15 Joer Sozialisten a 15 Joer Sozialiste mat der CSV an esou weider. Mä haut, haut geet dat ebe just net méi.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Fait as awer nach ëmmer, Här Di Bartolomeo, dass mer amgaange si Feeler vum 92er Gesetz auszemäerzen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Neen, do leit Der effectivement falsch, Här Minister. Dir hätt sollen dem Här Halsdorf nolauschteren. Ech brauch mech net ze zitéieren. Ech zitéiere just den Här Halsdorf. Den Här Halsdorf huet gesot, dass déi Reform vun 1992 sech bewäert huet an dass se déi Zilsetzungen erfëllt huet, déi d'Auteuren, an déi Auteure sëtzen do an Dir bréngt et net ëmmer fäerdeg e Keil tëschent déi Leit, déi responsabel si fir déi dote Gesetzgebungen, ze setzen. An där doter Saach ass d'Solidaritéit nach ëmmer do vun den Auteuren an Dir hat deemools Onrecht, wéi der d'92er Reform contestéiert hutt. Mir bleiwen der Meenung, dass de Gros vun där Reform gutt war, an dofir wiere mer eis dergéint, Här Minister, dass Dir se futti maacht. Ech kommen nach eng Kéier do drop zréck.

Ech hunn Iech elo de Spigel virgehalen an ech hunn Iech gewise wéi Der innerhalb vu véier Joer en totale Volte-face gemaach hutt, wéi Der et an eenzelnen aneren Dossiere gemaach hutt. Hei ass ebe just de Virdeel, dass mer Iech de Spigel kënnen dohinner halen an dass jiddereen dat och kann noliesen.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- E klenge Spigel.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.-. Dofir, Här Minister, sot mer wann ech gelift, wat huet sech geännert zënter Ärer Feststellung vun 2000 an der Feststellung vun 2002. Dir hutt nach ëmmer déiselwecht Beroder. Dir hutt nach ëmmer deeselwechte Mann, dee fir Iech verhandelt huet, an ech ka mer net virstellen dass dee Mann, deen haut verhandelt huet, an dee Mann, dee virdru verhandelt huet, d'Situatioun esou verkannt huet, dass aus engem Affer, dat gefuerdert ginn ass, op eemol en Nohuelbedarf ginn ass vu 7%. Ech ka mer net virstellen, dass Dir, Här Minister, an dass Är Beroder déi Situatioun esou kënnte verkannt hunn, an dofir, well eis dat doten einfach net aliicht, verlaange mer haut seriö Donnéeën iwwert d'Situatioun vun de Krankekeesen. Mir wëllen ab Oktober keng Ofbaudiskussioun. Mir wëlle just wësse wat un neie Belaaschtungen op eis zoukënnt, an Dir misst dat wëssen, well déi Décisiounen an Ärer Eegenschaft als Gesondheetsminister matgedroe ginn an Dir och als Gesondheetsminister bei deenen neie Belaaschtungen ëmmer dobäi sidd fir se anzeweien.

Mir wëllen datselwecht wéi de Rapporteur a sengem excellenten Deel, deen de Progrès vun der Medezin betrëfft, an ech soen...

M. Niki Bettendorf *(DP), rapporteur.*- Fannt Der nëmmen deen Deel excellent?

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Dee war méi excellent. Bei deenen anere Saachen, do hu mer e bësse méi Problemer. Mir wëllen datselwecht wéi de Rapporteur an ech soen em wierklech en häerzleche Merci fir seng kloer Wierder am Rapport wat d'Qualitéit vum Gesondheetswiesen ugeet.

***(Interruption)***

Ech brauch se net. D'Kommissioun fuerdert, dass déi Mëttelen, déi mer fir eng gutt Medezin brauchen, zur Verfügung gestallt ginn. D'Käschte vun der Santé gi weider an d'Luucht an et ass net ubruecht fir déiselwecht Rationaliséierungsrezepter an der Santé unzewende wéi an der Ekonomie. De medezinesche Fortschrëtt muss garantéiert ginn, mä erëm eng Kéier, de Rapporteur ka mer wahrscheinlech do hëllefen: Wéi kann een dat maachen, wann eng Regierung net d'accord ass fir d'Beiträg ze héijen, a well mir och net d'accord si fir d'Leeschtungen erofzesetzen, a well mir och ganz schwéier schonn haut mat Situatioune kënnen...

M. Niki Bettendorf *(DP), rapporteur.*- Här Di Bartolomeo, Dir sidd also fir Beitragserhéijungen? Da sot et. Ech wier frou wann Der dat géift kloer soen, well dat mécht et vill méi einfach.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här Bettendorf, wann et ëm d'Qualitéit an ëm d'Leeschtunge vun der Santé geet, frot d'Leit ob se bereet sinn e bësse méi dofir ze bezuelen. Mir menge jo. Fir eis ass de Beitrag ni en Tabu gewiescht wann et zu enger Verbesserung vun de Leeschtunge kënnt. Et muss ee jo och wëssen iwwer wat dass een hei schwätzt.

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

A well mer, Här President, eben der Meenung waren, dass mer d'Qualitéit vun de Medezinleeschtunge missten erhalen, hu mer an der Kommissioun de formellen Antrag gemaach, dass d'Regierung iwwert de Statsbudget soll fir déi Verbesserungen opkommen, iwwert déi mer haut décidéieren, well et e Compromis politique ass a well mer der Meenung sinn, dass mer kënnen absolut an déi Richtung goe wou mer schonn 1992 wollte goen. Ech erënneren drun, dass déi zoustänneg Ministerin deemools proposéiert hat fir d'Participatioune vum Stat op 40% ze arrêtéieren. Et ass also näischt Neies. Mir hunn deemools schonn doriwwer diskutéiert, an dofir wëlle mer mat där Diskussioun renouéieren a mir wëlle soen, opgrond vun all deenen Evolutiounen an opgrond vun där politescher Décisioun, déi de Stat geholl huet fir hei eng Rei vu Moossnamen ze huelen, déi hie mengt dass se noutwendeg sinn a wou mir och net contestéieren,

dass e Geste muss gemaach ginn. Da soll e mat senger Participatioun vun 37 op 40% eropgoen. Dat wier näischt aussergewéinleches. Et wier eng Kompensatioun fir déi nei Belaaschtungen, déi een de Krankekeesen zoumutt.

***(Interruptions diverses)***

Da sot mer ob et eng grouss Differenz ass, ob een an de Budget vun der UCM agräift als Drëtten, deen eigentlech net d'Verwaltung dovunner huet, oder ob ee vu baussen an de Statsbudget agräift. Sot mer wou do d'Differenz ass. Also dat géif ech awer ganz gäre vun Iech héieren.

***(Interruption)***

Firwat warne mer elo virun deene Parallellverhandlungen, déi vun der Regierung gefouert gi sinn? Mä ganz einfach well mer e bewäerte System a Fro stellen ouni eppes besseres an d'Plaz ze setzen. Ech bedaueren, an ech soen dat hei ganz offen, dass d'Sozialpartner net eng seriö Chance kritt hu fir hei e Verhandlungsresultat ze kréien an ech sinn deen Éischten, wann et Blocagë sollte ginn, deen der Meenung ass, dass mer eis mussen an der Zukunft dorëm bekëmmeren. Ech mengen, d'Sozialpartnerschaft an d'Diskussioun mat de Leeschtungserbrénger och soll esou orientéiert sinn, dass ee Kompromëss ka fannen an dass een och kompromëssbereet ass. Eng vun deene méiglechen Erklärungen, déi ech kritt hunn, ass, dass d'Propositioune vun den Doktere bis zum Schluss deene Responsabele vun der UCM net bekannt waren. Bon, wann dat e Grond sollt gewiescht sinn, dat ass jo relativ liicht ze verbesseren. Da ginn eben déi doten Informatiounen an Zukunft virbruecht. Ech hunn och mat Zefriddenheet festgestallt, dass déi Verhandlungsbereetschaft bei de Sozialpartner do ass.

Ech wëll iwwregens soen, dass mer mat eise Suergen net eleng stinn. De Conseil économique et social, d'Chambre des Employés privés, d'Chambre de Travail, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers stinn d'selwecht do, huelen awer aner Konklusiounen. Während mir eis Suerge maache fir d'Leeschtungen ze halen, sinn anerer déi zousätzlech Leeschtungsverkierzungen an de Raum stellen.

D'Konklusioun, haut bekëmmere mer eis ëm een Deelelement vun der Krankekeeseproblematik, déi méi haart gëtt an dofir eis suergen, just dann, wann d'Situatioun méi ugespaant gëtt, brauche mer zolidd Strukturen, déi mer net däerfe court-circuitéieren, wa mer iwwereileg Reaktiounen, och wat d'Leeschtungsofsécherungen ugeet, hunn.

Mir bleiwen eis konsequent, Här Minister, well mer der Meenung sinn, dass wann een esou e politesche Kompromëss hei hëlt wéi dësen, dass ee muss sécherstellen, dass bei anere berechtegte Punkten, déi op eis zoukomme fir Verbesserungen oder Ofsécherungen am Krankekeesewiesen, mer och déi noutwendeg Mëttelen nach mussen zur Verfügung stellen an dass mer net däerfen, wann et e bësse méi quackelech gëtt, déi einfachst Solutiounen huelen. Einfachst Solutioune wäre Leeschtungsverschlechterungen.

Dofir erlaben ech mer dann dem President eis Motioun ze iwwerreechen, wou mer haaptsächlech dofir plädéieren, dass d'staatlech Bedeelegung bei de Krankekeesen vu 37 op 40% an d'Luucht gesat gëtt, an der Linn vun deem wat mer 1992 wollte maachen.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant le projet de loi 5130 modifiant le chapitre V « Relations avec les prestataires de soins » du livre Ier du Code des assurances sociales;*

*- notant que le projet de loi en question transpose un accord intervenu entre le Gouvernement et l'Association des médecins et médecins-dentistes en ce qui concerne l'indexation et la revalorisation des tarifs médicaux;*

*- sachant que l'esprit de la loi du 27 juillet 1992 portant réforme de l'assurance maladie et du secteur de la santé était de garantir une autonomie tarifaire aux gestionnaires de l'Union des caisses de maladie, qui sont responsables pour assurer un équilibre financier de l'assurance maladie;*

*- constatant que l'article 6 du projet de loi visé introduit une dérogation à la loi de 1992 en prévoyant la possibilité d'adapter par voie de règlement grand-ducal des tarifs de la nomenclature;*

*- estimant que cette dérogation est une entorse au mécanisme de négociation prévu par la loi de 1992;*

*- considérant la position du Conseil économique et social quant aux conséquences découlant de cette ingérence dans l'autonomie de gestion de l'assurance maladie: « Le CES constate que le relèvement des tarifs de certains prestataires de soins convenu entre les prestataires et le Ministre de la Sécurité sociale affecte largement l'équilibre financier de l'assurance maladie. Les décisions afférentes ont été prises en dehors de toute consultation des partenaires sociaux, responsables d'ailleurs, d'une saine gestion de l'assurance maladie. Ces derniers demandent que les dépenses y relatives soient prises en charge par l'Etat par le biais d'une augmentation de la part étatique, faute de quoi ils ne manqueront pas de se voir contraints à prendre des décisions difficiles, ceci au détriment des assurés et des entreprises, en vue de maintenir l'équilibre financier. » (Avis sur l'évolution économique, sociale et financière du pays 2003 du 25 avril 2003);*

*- considérant que rien ne s'oppose à une adaptation sélective de certains tarifs médicaux sur base d'une négociation des parties concernées;*

*- constatant que les modifications projetées, à savoir le relèvement général des tarifs et l'introduction d'une indexation automatique, comportent un coût financier d'environ 17,7 millions d'euro;*

*- convaincue que ces frais sont le fruit d'un « compromis politique » et que les gestionnaires de l'Union des caisses de maladie n'ont pas été associés aux négociations;*

*- redoutant que ce précédant n'ouvre la voie à des revendications similaires d'autres prestataires de soins;*

*- estimant dès lors que ces dépenses ne doivent pas être imposées à l'Union des caisses de maladie;*

*- sachant que la contribution étatique au financement de l'assurance maladie s'élève à 37%;*

*- estimant qu'une évolution saine de la situation budgétaire de l'UCM n'est pas garantie au vu des besoins des nouveaux hôpitaux et infrastructures et du personnel hospitalier, surtout dans la perspective d'un ralentissement économique et d'un emploi stagnant;*

*- notant que dans le cadre de la déclaration sur la situation économique, sociale et financière du pays, le Gouvernement a exclu une augmentation des cotisations;*

*- redoutant qu'en vu de la dégradation de la situation financière des caisses de maladie (les décomptes annuels 2002 et 2003 sont déjà déficitaires au niveau des prestations en espèces), une réduction des prestations à charge des assurés ne soit envisagée et que des améliorations nécessaires dans la prise en charge notamment de la médecine dentaire ne soient sacrifiées;*

*invite le Gouvernement*

*- à augmenter la contribution de l'Etat au financement de l'assurance maladie d'actuellement 37% à 40%.*

*(s.) Mars Di Bartolomeo, Mady Dekvaux-Stehres, Lydie Err, Ben Fayot, Jeannot Krecké.*

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marco Schroell agedroen. Den Här Schroell huet d'Wuert.

M. Marco Schroell *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, fir unzefänke géif ech gären dem Rapporteur a Kommissiounspresident Niki Bettendorf félicitéiere fir seng excellent Rapporten, déi eis d'Diskussiounen aus der Kommissioun am Detail erëmginn.

De Projet de loi, deen hei zur Diskussioun steet, ass d'Suite an déi logesch Konsequenz vun der Debatt, déi mer an der Chamber den 29. Januar 2002 iwwert de Malaise bei den Dokteren haten.

Erënnert Iech, 1997 huet den europäesche Geriichtshaff an den Affären Decker/Kohll eng Jurisprudenz geschaaft, déi den Doktere bis haut Suerge mécht, well se den auslänneschen ambulante Secteur fir Lëtzebuerger opmécht, am Sënn datt déi Prestatiounen am Ausland vun de Lëtzebuerger Krankekeesen iwwerholl ginn, un a fir sech eng gutt Saach, wann net déi obligatoresch Konventionéierung vun de Lëtzebuerger Doktere mat de Krankekeese wär. Wie Konventioun seet, setzt d'Spillregele viraus. Déiselwecht Spillregele gëllen awer net fir d'Kolleegen am Ausland. Fir sech géint dës Diskriminéierung ze wieren, huet d'AMMD ganz logesch den Déconventionnement partiel gefrot.

An dëser Krisesituatioun gouf dunn 1999 no de Wahlen e kräftege Krankekeesendefizit bekannt. D'UCM huet eng Beitragserhéijung décidéiert an d'Regierung huet gefuerdert, datt och d'Prestataires de soins hire Beitrag misste leeschten. D'Dokteren hunn dat refuséiert, mam Argument datt se hire Beitrag scho laang géife leeschten, well se par rapport zu anere Secteuren, wéi zum Beispill dem Personal aus de Spideeler, akommesméisseg staark en retard wieren.

Dës Thees huet sech iwwregens zënterhier objektiv bestätegt. De Retard vun der Evolutioun vun den Honorairen ass patent. En offiziellt Dokument vun der UCM vergläicht d'Evolutioun vun den Dokteschtariffer a vu verschiddenen Indices salariaux tëschent 1994 an 2002. Wann ee vun engem Indice 100 am Joer 1994 ausgeet, da läit am Joer 2002, also aacht Joer duerno, d'Echelle mobile des salaires, dat heescht den normalen Index, bei 115, also 15% méi héich, d'Tariffer vun den Doktere bei 119, d'Tariffer vun den Zänndoktere bei 126, de Revenu moyen cotisable bei 135 an den Indice salarial vun der Entente des Hôpitaux bei 142.

D'Dokteren haten also Recht wéi se refuséiert hunn en zousätzleche Beitrag zur Krankekeesesanéierung ze leeschten. „Ils avaient déjà donné".

An dëser spannungsgeluedener Ambiance koum et dunn am Joer 2002, op Initiativ vun der sozialistescher Fraktioun, zu enger Heure d'actualité hei an der Chamber, wou sech all Parteien en faveur vum Maintien vum Conventionnement obligatoire ausgesprach hunn. Gläichzäiteg gouf et awer och vun alle Bänken d'Zoustëmmung, datt den Dokteschberuff misst revaloriséiert ginn. Nowuessproblemer a gewësse Spezialitéiten, wéi d'Anästhesie, d'Gynekologie, d'Pédiatrie an d'Psychiatrie goufen erkannt. D'Generaliste ware grad derbäi hiren Nuetsdéngscht, wéint der Pénurie vun Dokteren, ze reorganiséieren. Et gouf deemools betount, datt den Acte intellectuel, dat heescht d'Consultatioun an d'Visite par rappport zu den techneschen Akten ënnerbezuelt wären, datt d'Aarbecht an der Nuecht a während de Sonndeger an de Feierdeeg misst opgewäert ginn, datt d'Evolutioun vun den Honorairen der Evolutioun vun de Frais de cabinet, dat sinn haaptsächlech Personal-, Loyers- an Assurancëkäschten, missten adaptéiert ginn.

D'Dokteren hunn doropshin hir Revendicatioun nom Déconventionnement opginn, hunn awer hir aner Revendicatioune mat engem Warnstreik ënnermauert.

Angesichts vun de gespaante Beziehungen tëschent der AMMD an der UCM koum et dunn zu enger Négociatioun tëschent der AMMD an dem Minister vun der Santé an der Sécurité sociale. Et gouf sech schliesslech gëeenegt op dee Package, deen hei am Projet de loi proposéiert gëtt.

D'Honorairë vun den Doktere ginn an Zukunft automatesch dem Index ugepasst an et gëtt eng einmaleg Adaptatioun vun den Honorairë vu ronn 6,7%. Dës Augmentatioun gëtt awer net lineär op sämtlech Spezialitéite verdeelt, mä vill méi ginn d'Actes intellectuels wéi d'Consultatioun an d'Visite méi staark revaloriséiert, grad esou wéi d'Supplémentë fir d'Aktivitéite vum Dokter an der Nuecht, sonndes a während de Feierdeeg.

Concernéiert ass speziell d'Consultatioun vum Generalist, vum Kannerdokter, vum Dermatolog, vum Ophtalmolog a vum Anästhesist, d'Actes techniques vun de Psychiatren, vun de Chirurgen a vun de Gynekologen an, wat d'Soins de base ubelaangt, och vun den Zänndokteren. Et geet hei ëm eng Revalorisation sélective tëschent dräi an 19%, esou wéi dat vun der AMMD proposéiert gouf. Dëse Package, dee retrospektiv op den 1. Januar 2003 a Kraaft soll trieden, wäert d'Krankekeese 17,7 Milliounen Euro pro Joer ze stoe kommen.

Här President, d'Kriticken zu dësem Projet de loi sinn net ausbliwwen. Een Argument ass, datt d'Autonomie tarifaire, déi am 92er Gesetz virgeschriwwen ass, heimat gebrach wär, well d'Verhandlungen tëschent de Partenaires sociaux an dësem Fall net ofgeschloss goufen an datt d'Regierung sech agemëscht hätt fir iwwert de legislative Wee ee Sozialkonflikt ze bëendegen.

Dozou ass ze soen, datt d'Regierung hir Verantwortung geholl huet, wéi et kloer gouf, datt et esou séier net zu engem Accord négocié géif kommen, datt een Dokteschstreik an d'Land géif stoen an datt souwisou de Législateur misst asprangen, och am Fall vun engem Accord négocié, deen de Parameter aus dem 1992er Gesetz géif sprengen, esou wéi dat jo och elo de Fall ass. Ofgesinn dovun ass et normal, ee Gesetz duerch een anert Gesetz ze amendéieren. Dat maache mir hei all Woch.

Eng aner Kritik ass déi, dass déi automatesch Indexéierung vun den Honorairen der UCM hir Marge de négociation mat der AMMD méi kleng géif maachen. Dozou ass ze soen, datt datselwecht Argument zielt bei den Négociatioune vun de Gewerkschafte mat der Entente des Hôpitaux, deenen hir Salariéë selbstverständlech vun enger automatescher Indexéierung profitéieren.

Da gëtt d'Retroaktivitéit ugeprangert als eng Entorse zum Gesetz vun 1992. Dozou ass ze soen, datt d'Retroaktivitéit an ähnlechen Dossieren ouni Problem um legislative Plang applizéiert gouf, zum Beispill an der rezenter Steiergesetzgebung oder virum kuerzem en faveur vun de fräischaffenden Infirmieren an en défaveur vun de private Laboratoiren.

Eng lescht Fro: Wie soll bezuelen? D'Krankekeesen oder de Statsbudget? Do loossen ech de Gesondheets- a Sozialminister Stellung huelen, deem seng Meenung ech deelen, datt de Stat säi Bäitrag heizou scho geleescht huet.

***(Interruption)***

Interessant ass ze rappelléieren, datt an dëser Legislaturperiod d'Cotisatioune vun der Krankekeess eemol an d'Luucht goungen an eemol erëm gefall sinn. An der viregter Legislatur goufen d'Cotisatiounen dräimol eropgesat an eemol erof. De Stat huet säi Beitrag an dëser Legislatur op 37% eropgesat an net méi zréckgeholl. Dat war deemools eng Milliard al Lëtzebuerger Frange wäert.

Här President, ech ennersträichen nach eng Kéier, datt d'UCM zwee Posten ze équilibréieren huet. Deen éischten ass dee vun de Prestations en nature, dat heescht alles wat d'Prestataires de soins verrechnen, den Dokter, den Apdikter, d'Spidol, de Kiné. Dëse Posten ass de Moment am Equiliber. Staark defizitär sinn awer d'Prestations en espèces, dat heescht d'Krankegeld, wou déi rezent Gesetzgebung iwwert d'Invaliditéit bis elo net gegraff huet. Et muss op jidde Fall opgehale ginn, dës zwou Prestatiounen ze mélangéieren, mat dem But datt den Excédent vun där enger Säit, den Defizit vun där anerer decke muss, dat ass net transparent an och ongesond. Vill méi heescht et Mesurë géint den Absentéisme duerchzesetzen, woubäi keen Abus däerf verschount ginn, egal vu wéi enger Säit e kënnt.

Här President, mir hunn an deene leschte Jore gesinn, zu wat eng Rationéierung an der Medezin ka féieren. Laang Jore gouf et nëmmen eng eenzeg IRM-Installatioun am Land an d'Patienten hu missen an d'Ausland geschéckt ginn. Vill ze vill laang ass wéineg an eis Spidolsinfrastrukturen investéiert ginn, esou datt mer laang en immensen Nachholbedarf hunn. Mir riskéieren de Progrès vun der Medezin opzehale mat der Fuerderung, datt d'Cotisatiounen net dierfe klammen, respektiv d'Leeschtungen net dierfe falen. Mir brauchen eng vill méi grouss Responsabilisatioun vun allen Acteuren am Gesondheetswiesen, vun de Prestataires a vun de Bénéficiairen. Et gëtt net nëmmen d'Medezin, mä och vill Confort vun de Krankekeese rembourséiert. Den Zäitfacteur gëtt beim Dokter net berücksichtegt an och net seng Notoriétéit.

***(Interruption)***

Eise Gesondheetssystem gläicht deem vun enger Grande surface, wou een an der Entrée bezilt - dat ass d'Part salariale vun der Cotisatioun - a wou ee sech da beliebeg kann zerwéieren ouni déi geréngste Kontroll bei der Sortie.

Här President, d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei wäert dëse Projet votéieren, well eng Revalorisatioun vum Dokteschberuff néideg a gerecht ass. Grad esou néideg an der Zukunft ass eng fundamental Diskussioun iwwert de Finanzement vun eisem Gesondheetswiesen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombera agedroen. Den Här Colombera huet d'Wuert.

M. Jean Colombera *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e grousse Merci un de Rapporteur, den Här Niki Bettendorf, fir säi mëndlechen a schréftleche Bericht. Ech weess net wéi ech déi Ried hei soll ufänken, et ass mer ganz mulmeg.

Nodeems ech de Riedner vun der LSAP hei héieren hunn, dee sech uni sono mat senger Partei fir dëse Projet agesat huet, an déi deen och stëmme wäerten, hunn ech

awer trotzdeem d'Gefill, Här Di Bartolomeo, datt keng esou eng grouss Léift tëschent Iech an den Dokteren ass.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Et hänkt dovun of, wat fir een Dokter et ass.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Ech sinn der Meenung, datt den Daniel Defoe 1720 déi beschte Léisung hat, wéi en de Robinson Crusoe op eng Insel verbannt huet, wou hien net krank ginn ass, a wann e krank gi wär, wär keen Dokter do gewiescht.

***(Hilarité)***

Une voix.- A keen ADR.

M. Jean Colombera *(ADR).*- A wann dëse Sträit esou weider geet, muss ech nolens volens hoffen, datt am Joer 2300 iergendee Superwëssenschaftler eng Iddi kritt, fir en homo sapiens sedentarius geneticus modificatus ze schafen, e Mënsch deen esou genetesch modifizéiert ass a geklont gëtt, datt en net méi krank gëtt, well da brauche mer keen Dokter méi an hu kee Krankekeesendefizit méi.

Här President, bei dësem Projet diskutéiere mir haut d'Tariferhéijunge bei verschiddenen Dokteren, notamment bei de Generalisten, awer och vu verschiddenen techneschen Akte vun den Zänndokteren.

Mir haten am Kader vun der Gesondheetspolitik alleguerten uni sono eis géint een Dekonventionnement vun den Dokteren ausgeschwat. Mir waren alleguerten deemools der Meenung, datt eng Zweeklassemedezin kënnt entstoen, wou déi eng favoriséiert an déi aner, déi sozial méi schwaach, defavoriséiert géife ginn. A fir dësem Risque aus dem Wee ze goen, ware mir eis eens, datt ee sollt punktuell verschidden Akten, verschidden technesch medezinesch Leeschtungen héijen. Dat gëtt haut mat dësem Projet realiséiert.

Mir gesinn awer, datt deen heitege medezinesche System zimlech künstlech opgeblosen ass a riskéiert an nächster Zukunft ze platzen. Mir kréien direkt Gewëssensbëss, well d'Krankekeess ouni ofzewaarden hiren Joker ausspillt, wat heescht, datt se seet, se géif en Defizit riskéieren. Dat geet duer, datt eng politesch Debatt hei lancéiert gëtt, datt d'Cotisatioune missten erhéicht ginn, si mussen awer net erhéicht ginn, datt d'Participatioune missten erhéicht ginn, si däerfen awer net erhéicht ginn. D'Leeschtunge musse besser ginn, net méi schlecht ginn. Dat kënne mir alles hei verhënneren.

Permanent gëtt ëmmer déiselwecht Plack gespillt mam Fazit, jiddferee verlaangt méi, mä et däerf awer näischt kaschten. Oder, wann et eppes kascht, da schiebt déi eng Interessepartei där anerer Interessepartei d'Responsabilitéit zou. Dëse System ass total dekadent a mir wëssen alleguer, datt eppes geschéie muss. Entweder mir bleiwen an dësem System a versiche kuerzfristeg, mëttelfristeg a laangfristeg eng Léisung ze fannen, oder mir changéieren de System. Mä fir de System ze changéieren, däerfe mer net ëmmer déiselwecht langweileg an onpopulär Léisungen ubidden. Mir dréinen eng roueg Klatz ee Joer virun de Wahlen, an deen Dag, wou mer an den Defizit kommen no de Wahlen, da versiche mer lénks a riets ze ajustéieren.

Wat mech wonnert ass, datt d'Krankekeess, déi permanent an den Defizit fale kann, net vill Schrëtt ënnerhëlt fir d'Abüen, déi am Krankewiese sinn, un d'Dagesliicht ze bréngen. Wie weess besser wéi d'Krankekeess, wéi vill Medikamenter verschriwwe ginn, deier Medikamenter, déi duerch manner deier Medikamenter kënnten ersat ginn, oder duerch equivalent Medikamenter op Naturbasis.

Wie weess besser wéi d'Krankekeess, wéi vill Krankegeld ausbezuelt gëtt. Mir wëssen alleguerten, datt bei de Krankeschäiner ganz vill Abus entsteet. Et gëtt Entreprisen, déi sech sanéiere wëllen an déi ganz Belegschaft bei den Dokter schécken. Do si Spideeler, wou d'Infirmièren am Stress schaffen an déi krank gemellt musse ginn, well se ëmmer ënner Drock stinn. Do sinn d'Dokteren, déi schreiwe Krankeschäiner aus. Firwat? Mä wann den Dokter de Krankeschäin net ausschreift, da geet de Patient bei den Noper. Dat wësse mir jo alleguerten.

***(Interruptions diverses)***

Wie weess besser wéi d'Krankekeess, wivill identesch Analyse bei engem Patient an enger kuerzer Zäitspan verschriwwe ginn? Wie weess besser wéi d'Krankekeess, wivill identesch Röntge bei engem Patient an engem kuerzen Zäitlapsus verschriwwe ginn? Firwat kritt den Dokter kee Profil médical ausgestallt wéi fréier, 1995, 1996 oder 1997, wivill Medikamenter, Röntgen, Analysen, Krankeschäiner hien ausgestallt huet? Firwat kritt ee Patient kee Relevé ausgestallt, wivill mol pro Joer en e medezineschen Akte konsuméiert huet a wivill datt hie cotiséiert huet? Wivill Analysen, wivill Röntgen, wivill Medikamenter e gebraucht huet?

Wéini starte mir en effikasse Preventivprogramm, fir déi negativ Folgekäschten ze ënnerbannen? Wéini ginn d'Leit responsabiliséiert, invitéiert, fir sech méi fir d'Gesondheet anzesetzen? Wéini ginn d'Entreprisë sollicitéiert fir besser Aarbechtskonditiounen unzebidden? Schliesslech si grad am Aarbechtsmilieu vill Aarbechter duerch ongesond Situatiounen a Stress krank. Ech mengen, wa mer am aktuelle System wëlle bleiwen, da muss och jidderee responsabiliséiert ginn, jidderee muss mathëllefen duerch Eegeninitiativ dëse Krankheetssystem ze sanéieren.

Mir proposéieren en zolidde preventive Programm. Mir proposéieren en Dossier médical global oder ee Gesondheetsbadge, dee muss informatiséiert ginn an do muss drastoen all Analys, all Röntgen, déi de Patient kritt huet, an déi muss beim Patient ugesiedelt sinn, a wann e bei en aneren Dokter geet, muss hien dësen Dossier, dëse Badge ofginn, an dee brauch dann nëmmen a sengem Computer ze kucke wat do alles gemaach gouf. Da kann ee mat där Mesure verschidden Analyse wéi Röntgen oder och aner Saache vermeiden, dass se zweemol gemaach ginn.

Mir proposéieren eng pluridisziplinär a besser strukturéiert Approche vum Patient, haaptsächlech am Spidolssecteur, wou d'Diagnos, d'Therapie an de Suivi besser harmoniséiert ginn. Mir proposéiere Referenzzentren an de verschiddene Kliniken am Kader vum Plan hospitalier, déi nei Qualitéitskritären ausschaffen, fir déi global medezinesch Approche vum Patient ze optiméieren.

Den Objektiv muss si global manner Krankheeten, global manner Medikamenter, global manner Krankeschäiner, global manner Analysen, global manner Hospitalisatiounen, an dat alles duerch eng aner Approche vun der Gesondheet a vun der kranker Persoun. Dat soll mëttelfristeg a laangfristeg eist Zil sinn. Kuerzfristeg muss awer och eng Regelung fonnt ginn, well mer jo duerch déi Erhéijung, déi mer haut hei stëmme wäerten, en Defizit kréien. Mir wëllen awer keen Aschnëtt am soziale Gefüge, d'Cotisatioune solle bleiwe wéi se sinn, d'Participatioune solle bleiwe wéi se sinn, d'Leeschtunge solle bleiwe wéi se sinn.

An de Stat ass eiser Meenung no mat 37% senger Roll gerecht ginn. Méi kann een net erwaarden, méi kann een net maachen, well de Budget jo awer limitéiert ass. Et bleift am Prinzip nëmmen ee Wee fir den Defizit ze finanzéieren. Loosst mer nämlech emol op d'Haaptursaache vun de Krankheete kucken. Wat provozéiert déi meeschte Krankheeten? Et sinn nëmmen zwee Begréffer, déi ëmmer optauchen. Dat ass éischtens den Alkohol, zweetens d'Zigaretten. De Stat huet duerch den Inkasso vun Akzisen op Alkohol an op Zigaretten eng zolidd a substanziell Recette. Et géif awer guer kengem wéi doen, wa mer géifen déi Recetten do liicht erhéijen, ganz liicht Prozentsätz, well den Alkohol an den Tubak jo zoustänneg si fir d'Krankheeten. Dëse klenge Prozentsaz géif dann integral an d'Krankekeess afléissen an esou den Defizit decken. Méi einfach geet et eiser Usiicht no net. Wa mer verschidden Drogen erlaben, Drogen, déi krank maachen, da musse mer awer och folglecherweis d'Folgekäschte vun dësen Drogen, nom Verursaacherprinzip, vun der Recette vun dësen erlaabten Droge gedroe ginn.

Ech kommen elo zum Dokter. Ech weess net, ob ech muss frou si wann elo d'Tariffer erhéicht ginn oder net, well meng Philosophie ass déi heiten: Wann Dir bei den Dokter gitt, an Dir maacht him eng Consultatioun, eng preventiv Consultatioun, do bitt Der eppes, dat heescht, do kann ech nach verstoen, dass den Dokter iergendwéi bezuelt gëtt. Bei enger akuter Krankheet, wann ee Kappwéi huet, Réckwéi huet, eng Migrän kann ech verstoen, dass den Dokter Medikamenter ubitt, wann de Patient gesond gëtt, kann ech verstoen, dass den Dokter Geld unhëlt. Mä wa mer awer elo bei méi chronesch Krankheete kommen, bei Kriibsen zum Beispill, wou den Dokter vu virera weess, dass en net kann hëllefen, ass et menger Usiicht no ethesch e falsche Schrëtt fir vun där Persoun do eppes ze verlaangen. An dofir meng Philosophie, wa mer déi heite reng liberal Medezin éischter, wann ee muss verstaatlecht ginn, dann den Dokter, dat ass jo ëmmer meng Meenung. Firwat? Well dann eben den Dokter näischt mat Suen ze dinn huet.

Eng aner Problematik, an do schwätzen ech verschidde Saachen un. Den Här Di Bartolomeo huet ëmmer gesot, d'Doktere mussen hir Part bréngen. Abee, Här Di Bartolomeo, ech wëll Iech nëmme soen, fänke mer mam éischte Punkt un, mat de Cotisatiounen. Dir wësst ganz genau, dass d'Dokteren d'Cotisation-assiette maximale cotisable hunn, dat heescht, si bezuelen um ieweschte Plaffong, egal ob den Dokter elo 3,3 Millioune verdéngt, fënnef Milliounen oder zéng Milliounen, hie bezilt ëmmer den ieweschten Taux.

Elo wëll ech gär den Här Di Bartolomeo froen, ob dat dann normal ass, ob dat sozial gerecht ass oder net? Ech loossen dat am Raum stoen. Ech wollt en nëmmen drop hiweisen, dass menger Usiicht no de Stat awer, well den Dokter eng Missioun huet fir dem Patient ze hëllefen, well den Dokter de Leit hëlleft erëm gesond ze ginn, datt d'Leit, wa se gesond ginn, och wirtschaftlech aktiv sinn, misst de Stat menger Usiicht no eppes maachen, dat heescht, d'Part patronal vum Dokter droen.

Zweetens, den Dokter bezilt Cotisatioune wéi jiddereen. Wann den Dokter elo krank ass, wat geschitt dann? Déi éischt dräi Méint kritt hie guer näischt. An ech froen Iech, firwat ass dat esou? Firwat däerf den Dokter, ënner anerem och d'Professions indépendantes, Här Clement, mä mir si momentan beim Dokter, sech net erlaben, wann e krank ass, fir eng, zwou Wochen doheem ze bleiwen, a vläicht dann ee Krankeschäin ze huelen an dee Moment géif en da bezuelt ginn, zum Beispill, firwat net, de minimal Loun vun engem qualifizéierten Aarbechter géif en da kréien? Firwat ass dat net méiglech? Dat ass net sozial gerecht an ech géif hei alleguerten d'Gewerkschaftler froen, ob si domat d'accord sinn.

Op där anerer Säit, wann den Dokter eng Sekretärin huet, dee Moment wou den Dokter krank ass, firwat besteet d'Méiglechkeet net, dass den Dokter déi Sekretärin an de Chômage technique ka setzen? Et si jo ganz vill Entrepreneuren, déi schécken hir Aarbechter an de Chômage pour intempéries, mä den Dokter däerf dat net. Hie muss, wann e krank ass, dohinner goen a seng Sekretärin awer bezuelen. Ass dat gerecht? Ass dat sozial gerecht?

Do ass eng Mamm, déi ee krankt Kand huet, déi kann doheem bleiwe wéinst Raisons familiales. Also, Dir Häre Gewerkschaftler, Dir gesidd, dass do nach ganz vill ze maachen ass, an ech géif net ëmmer versiche fir hei géint d'Dokteren ze klappen, well déi hu ganz aner Nodeeler, wéi Der mengt.

***(Interruption)***

Gutt, Här Di Bartolomeo, Dir hutt jo héieren. Gitt mer do eng Äntwert, Här Di Bartolomeo, an da sidd Der gutt, mä schwätzt net méi géint d'Dokteren.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech schwätzen net géint d'Dokteren. Dir schéngt d'Kiischtekären net verdaut ze hunn!

M. Jean Colombera *(ADR).*- Guer net!

Den Här Halsdorf huet gesot, mir musse versiche fir d'Qualitéit ze erhéijen, mir musse versiche fir méi Generalisten ze kréien, mä et geet net eleng duer mam Geld.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Däerf ech Iech dann emol froen, ob Der iwwerhaapt an enger Gewerkschaft Member sidd. Sidd Dir an der Dokteschgewerkschaft, jo oder neen?

M. Jean Colombera *(ADR).*- Neen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ah, Dir sidd net dran. Da sidd Der awer schlecht placéiert fir esou Fuerderungen ze stellen. Engagéiert Iech fir Är Fuerderungen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dir hutt nach ëmmer d'Eenheetsgewerkschaft.

***(Hilarité)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Wann ech Iech gesinn, da sinn ech wierklech fir d'Eenheetsgewerkschaft!

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

Kënnt Der dat do nach eng Kéier richteg soen?

M. le Président.- Loosst den Här Colombera schwätzen. Déi aner sollen nolauschteren. Här Colombera, fuert weider. Net dauernd ënnerbriechen.

***(Interruptions diverses)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Et soll ee sech awer décidéieren op wat fir enger Säit dass een ass.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Den Här Colombera schwätzt als Volleksvertrieder.

M. le Président.- Fuert dach weider, Här Colombera.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Neen, ech kann net schwätze wann hei esou vill Kaméidi ass.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, Dir sidd all gebieden dem Riedner nozelauschteren.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Ech wëll just dem Här Di Bartolomeo e puer Iddie ginn. Huelt Äre Bic a schreift op, wat ech elo soen.

***(Hilarité)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Mengt Der ech wär Äre Sekretär?

M. Jean Colombera *(ADR).*- Ech ginn Iech eng Léisung, Här Di Bartolomeo, wéi Der mëttelfristeg a laangfristeg déi Saach geregelt kritt. Dat ass meng Meenung. Lauschtert emol no. Huelt Äre Bic a schreift op.

***(Hilarité)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Ech hu besser Beroder bei den Dokteren wéi Iech.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Den Här Halsdorf huet gesot, et muss een Imaginatioun vun der Politik verlaangen.

Une voix.- Wien huet dat gesot?

M. Jean Colombera *(ADR).*- Ech proposéieren iergendeen anere System do unzewenden, fir dass mer net ëmmer erëm an déiselwecht Fal fale bei de Problemer vun dësem marode System an net permanent vu Cotisatiounserhéijungen oder och net schwätzen. Dat hei ass meng eege Meenung. Ech hu mat menger Partei nach guer net doriwwer geschwat.

***(Interruptions)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dat ass säi gutt Recht.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Vu dass mer ee Joer virun de Wahle sinn, Här Di Bartolomeo, …

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. le Président.- Esou kënne mer awer net weiderfueren. Ech géing un Iech all appeléieren. All Deputéierten huet d'Recht seng Meenung hei ze soen, ob vun der Majoritéit oder der Oppositioun, ob déi Meenung engem gefält oder net. Dat ass en demokratescht Recht an d'Toleranz besteet doran, dass een och d'Meenung vun deem Kolleeg respektéiert, deen eng aner Meenung huet. Et ass net fir de Geck ze maachen, déi Saach hei ass vill ze vill seriö. Wat mengt Der, wat d'Leit denken, déi eis op der Tëlee nokucken?

Also, loosst den Här Colombera schwätzen, déi aner sollen nolauschteren.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Här President, ech proposéieren elo eppes, wat meng eege Meenung ass, an ech wäert versichen, dass meng Partei bei den nächste Wahlen domat an d'Wahle geet, mä vu dass et sech ëm e Gesondheetsproblem handelt, wëll ech Iech dat net virenthalen. Ech sinn ze vill Philanthrop fir dat ze verstoppen an et eréischt just virun den nächste Wahlen ze bréngen. Et ass meng Iddi, ech lancéiere se an hoffen, dass se vun iergendengem opgegraff gëtt.

Une voix.- Mir halen den Otem un.

M. Jean Colombera *(ADR).*- Mir mussen éischtens de Confort vum Dokter erreechen, zweetens dee vum Patient, an datt d'Krankekeesse sanéiert ginn. Welche Plang kënne mer do uwenden? En Zweephaseplang.

Jiddfereen am Land ass mat mir d'accord, datt mir ganz vill fir eis Gesondheet maachen. Verschiddener maachen eng Kur fir ofzehuelen, anerer eng Wellnesstherapie am Ausland fir hiert Wuelbefannen an esou weider. Et ass keen dee seet: Neen, ech sinn net d'accord domat, well jiddferee wëllt gär gesond bleiwen.

***(Interruption)***

Eng Minutt, Här Krieps.

Mir waren alleguer d'accord virun e puer Joer fir d'Assurance-dépendance anzeféieren. Firwat? Well jiddferee geduecht huet, wann ech

eng Kéier an dee Fall kommen, da sinn ech integral ofgeséchert.

Éischt Phas: Ech proposéieren eng Assurance-prévention. Et wäert keen hei am Land eppes dergéint hunn, wann en 1% vu senger Pai, vu sengem Salaire muss oftrieden an déi Caisse assurance-prévention.

Zweet Phas: Mir versiche fir dem Dokter eng ganz aner Rémunératioun ze ginn. Lauschtert elo ganz gutt no. D'Caisse de Maladie weess, wéi vill dass d'Doktere verdingen. Op där Basis gëtt eng Moyenne gerechent, fir ze kucke wéi vill den Dokter pro Minutt verdingt. Doropshi gëtt den Dokter pro Minutt bezuelt. Mir mussen dann definéieren, wéi vill Minutten e fir kurativ Zwecker brauch, dat heescht, wann Der de Kapp wéi hutt, wann Der de Réck wéi hutt oder Dir hutt den Duerchfall. Ugeholl mir definéieren 20 Minutte fir kurativ Medezin, da kritt den Dokter 20 Minutte bezuelt vun der Caisse de Maladie an duerno fänkt déi zweet Phas un, an dat ass d'Phase assurance-prévention. Do schwätzt den Dokter fënnef Minutten, zéng Minutten, 30 Minutte mam Patient. Dat spillt guer keng Roll, an dofir gëtt en da vun der Assurance-prévention bezuelt.

De Virdeel fir den Dokter? Den Dokter gëtt ëmmer bezuelt, ob en 20 Minutte mat engem Patient oder 35 Minutte schwätzt. Hie gëtt prorata zu der Zäit bezuelt. D'Qualitéit vum Dokter ass méi grouss, well en dee Moment net méi an de Stress kënnt. D'Qualitéit vum Patient ass méi grouss, well de Patient Informatioune kritt, wéi e sech muss verhale fir net méi krank ze ginn, an d'Krankekeess huet an enger Phas, déi e bësse méi wäit läit, de Benefiss dovun, datt d'Käschte vun der Krankheet erofginn, well d'Preventioun spillt.

Dat ass dee Programm, deen ech Iech wollt virstellen. Jiddferee kann dovun denken, wat e wëllt, an et kommentéiere wéi en et wëllt. Et ass awer sécher eng Iwwerleeung wäert. Et wär gutt, wann Der Iech dat kéint iergendwéi iwwerleeën an et an Ärem Gesondheetsprogramm fir déi nächst Wahle bréngen, fir esou fir d'Land e ganz gudde Benefiss ze erreechen.

Ech soen Iech merci.

***Motion 2***

*D'Deputéiertechamber,*

*- der héiger Zuel vu Medikamenter bewosst, déi op eisem Maart sinn;*

*- d'Fro stellend, ob et wierklech noutwenneg ass, esou vill Zorte Medikamenter mat der gläicher Zesummensetzong a staark differéierende Präisser zouzeloossen;*

*fuerdert d'Regierong op*

*- analyséieren ze loossen, ob déi grouss Zuel vu Medikamenter noutwenneg ass;*

*- d'Zuel vun den zoulässege chemesch preparéierte Medikamenter just op de wierklech néidege Besoin ze reduzéieren;*

*- an deem Zesummenhang nozefuerschen, ob eng Rei vu chemesch preparéierte Medikamenter net duerch naturmedezinesch Produiten ersat kënne ginn.*

*(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

***Motion 3***

*D'Deputéiertechamber,*

*- beméit de Käschtepunkt am Gesondheetswiesen ze reduzéieren;*

*- besuergt doriwwer, datt am Beräich vun Analysen, Röntgen asw, d'Käschten ëmmer méi héich ginn;*

*- feststellend, datt dës Erhéijong och bedéngt ass duerch ze vill widderhuelten Interventiounen, wéi zum Beispill d'Röntgen;*

*fuerdert d'Regierong op*

*- en informatesche Gesondheetsbadge anzeféieren, op dem d'Krankebild vum Assuré esou wéi all Interventiounen a verschriwwe Medikamenter am Zesummenhang mat senger Krankheet integral enregistréiert sinn, fir esou widderhuelten an onnéideg Interventiounen ze vermeiden.*

*(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

***Motion 4***

*D'Deputéiertechamber,*

*- stellt fest, datt dem Assuré net onbedéngt bewosst ass, wat seng Gesondheet kascht;*

*- ass iwwerzeegt, datt dem Assuré en transparenten, jährlechen, individuelle Bilan vu senge Gesondheetskäschten zousteet;*

*fuerdert d'Regierong op*

*- an d'Wee ze leeden, datt dem Assuré e jährlechen detailléierte Bilan vum Käschtepunkt vu senger gesondheetlecher Betreiung zoukomme gelooss gëtt, engersäits wat en abezuelt huet an anerersäits wat d'Keesse fir hien ausginn hunn.*

*(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

***Motion 5***

*D'Deputéiertechamber,*

*- stellt fest, datt ëmmer méi mannerbemëttelt Persoune Problemer hunn, fir Dokteschtariffer ze bezuelen, an d'Doktere laang Prozedure mussen aleede fir zu hirem Recht ze kommen;*

*- stellt fest, datt eng Rei krank Leit aus finanzielle Grënn sech net behandele loossen;*

*- sech bewosst, datt alle Bierger den Zougang zur medizinischer Betreiung garantéiert gi muss;*

*- beméit, den Assuréë vun de Krankekeessen déi administrativ Weeër ze erliichteren;*

*- sech bewosst, datt de Prinzip vum Tiers payant a verschidde Beräicher am Krankekeessewiese scho besteet;*

*fuerdert d'Regierong op*

*- gesetzlech Dispositounen ze schafen, déi de Prinzip vum Tiers payant och am Kader vun den Dokteschtariffer integral aféiert.*

*(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

***Motion 6***

*D'Deputéiertechamber,*

*- sech der prekärer finanzieller Situatioun am Krankekeessewiese bewosst;*

*- sech och bewosst, datt käschtespuerend Mossname mussen ergraff ginn;*

*- iwwerzeegt, datt käschtespuerend Moossnamen net däerfen op den Assuré iwwerdroe ginn;*

*fuerdert d'Regierong op*

*- am Spidolswiesen eng zentral Akafsstell ze schafe fir den Akaf vun alle Fourniturë vun de Spideeler, zum Beispill medezinesch Apparater, Bettgeschier asw.*

*(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

Une voix.- Elo kënnt déi drëtt Phas.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Dir braucht net de Geck ze maachen, well d'Leit laachen haut nach iwwer 15 Joer sozialistesch Gesondheetspolitik.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat Eenzegt, wat bei Iech fonctionnéiert huet, dat waren d'Dysfonctionnementer.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Den Engel Albert ass iwwert Iech erof komm.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Huss an déi aner sollen nolauschteren.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll natierlech fir d'éischt dem Rapporteur vun dësem Projet, dem Här Bettendorf, merci soe fir säin ausféierlechen Exposé zu dësem Gesetzesprojet, dee mer et méiglech mécht net nach eng Kéier op all Eenzelheeten an Artikele vun dësem Gesetz mussen zréckzekommen, dat ëmsou méi wéi schonn eng Partie Virriedner am Detail déi eenzel Dispositiounen erklärt hunn.

Ech wëll kengem vun Iech an och kengem Journalist heibannen zu dëser scho spéider Zäit zoumudden, all dës Saachen hei nach eng Kéier ze héieren, an dofir relativ kuerz eis Haltung zu dësem Gesetz soen, mat e puer méi prinzipiellen Iwwerleeungen zu dësem Dossier.

Éischtens e kuerze Rappel. Mir haten als Gréng an de vergaangene Jore méi wéi eng Kéier op dëser Tribün gesot, datt mer d'Revendicatioune vun de Lëtzebuerger Dokteren, wann och net ganz, géifen ënnerstëtzen, a mir hate gesot, datt mer géint eng Dekonventionéierung wieren, awer a wäiten Zich kënnte verstoen an novollzéien, datt esou e Beruff, deen esou eng laang Studienzäit a grouss finanziell Engagementer iwwert déi ganz Zäit an duerno bei der Installatioun verlaangt, e Beruff, dee sécher ganz héich Responsabilitéiten ofverlaangt, a wou vu Patientesäit jo och berechtegterweis ëmmer méi héich medezinesch Qualitéitsstandarden agefuerdert ginn, dass esou e Beruff an eisen Ae muss, wann e seriö an no beschtem Wëssen a Kënnen ausgeübt gëtt, och gesellschaftlech unerkannt an deementspriechend seriö rémunéréiert ginn.

Mir hate schonn d'lescht Joer op dëser Tribün betount, besonnesch am Kader vun eisen deemolegen Diskussiounen ëm bestehend oder eventuell drohend zukünfteg Pénurien a verschidde Kategorië vun Dokteren, datt mer insgesamt fir eng Revaloriséierung vun den Dokteschconsultatioune géifen antrieden, mä mir haten och gesot, datt mer fir weider méi spezifesch Adapatiounen awer op strikt selektiv an novollzéibar Kritäre géinge bestoen.

Mir haten dobäi virun allem un d'Revalorisatioun vum Hausdokter geduecht a subsidiairement méi selektiv un eng Rei vu Spezialitéiten, wou objektiv eng Partie vu Problemer sech an de Joren opgebaut haten. D'Hausdokteren, där et der haut hei am Land net genuch gëtt, a wahrscheinlech och an nächster Zukunft net, missten absolut prioritär revaloriséiert ginn, engersäits well grad si an eisem Gesondheetswiesen eng absolut zentral Roll spille mussen a well et absolut urgent ass, datt mer de Beruff vum Hausdokter endlech erëm vill méi staark förderen, fir datt mer esou schnell wéi méiglech déi bestehend Pénurie an dësem Beräich kënnen iwwerwannen.

Bei eisen Diskussiounsbeiträg hate mer deemools schonn drop higewisen, datt een och méi grondsätzlech iwwert d'Bezuelung vun den Dokteren a besonnesch och iwwert aner, zum Beispill méi zäitorientéiert Tarificatiounsmodeller misst schwätzen, a schwätzen an deem Kontext awer och iwwert eng permanent Weiderbildung vun eisen Dokteren, well grad dat jo ënner anerem e wichtege Kritär misst si fir d'Aarbecht vun engem Dokter kënne méiglechst korrekt anzestufen an eventuell och ze revaloriséieren.

Dir Dammen an Dir Hären, all dëse Kritären entsprécht dee virleiende Gesetzesprojet héchstens zu engem klengen Deel, andeem en eng allgemeng Augmentatioun an eng Indexéierung vun den Dokteschtariffer virgesäit, an doniewent eng Partie ënnerschiddlech finanziell Nobesserunge fir eng Rei vu Spezialisten, Nobesserungen, déi awer alles mä net transparent sinn.

Et gëtt dofir eng ganz Rei vu Grënn firwat mer dëse Projet an der virleiender Form net einfach esou kënnen ënnerstëtzen a firwat mer eis beim Vote wäerten enthalen. En éischte Problem besteet sécherlech an der Method, an der Form, am Wee, deen hei gewielt ginn ass, wou iwwert dëse Projet de loi d'Autonomie vun de Krankekeesen, zumindest an dëser Situatioun, praktesch ausser Kraaft gesat gëtt, well duerch dësen eesäitegen Akt vun der CSV-DP-Regierung déi aner Partner an de Krankekeese virun e Fait accompli gestallt ginn.

Mir froen eis dofir, Här Minister, ob et net awer virun dësen Décisioune sënnvoll gewiescht wär an engem leschten Effort vun Dialog ze probéieren dach nach déi verschidde Partner oder Kontrahenten un en Dësch ze kréien, fir eventuell gemeinsam Léisungen ze fannen.

Zum Inhalt vun de getraffene Mesuren. An der Logik vun deem, wat ech ufanks rappeléiert hat am Sënn vun enger Revaloriséierung, hu mir u sech kee weidere Problem zum Beispill mat der Erhéijung vun den Tariffer fir Nuetsaarbecht, fir Sonndesaarbecht oder Feierdeeg, an och kee Problem mat der Indexéierung vun den Tariffer. Fir dës Mesurë gëtt et objektiv novollzéibar Argumenter, an dës Saachen hätten eigentlech schonn zënter längerem kënne realiséiert sinn.

Wat awer déi méi spezifesch Augmentatioune vun de proposéierten Actes généraux an Actes techniques vu verschiddene medezinesche Spezialitéiten a vun den Zänndokteren betrëfft, esou muss ech awer soen, Här Minister, Är Partei huet dach soss ëmmer esou vill geschwat vun Transparenz, do awer praktesch keng Transparenz virherrscht, well bis haut an och an der Kommissioun kee mer déi ënnerscheedlech Prozenter vun den Erhéijunge konnt erklären. Firwat kréien d'Zänndokteren zum Beispill 12% méi, d'Psychiateren zum Beispill 10% méi, während d'Kannerdokteren 9% an d'Dermatologe 16% méi kréien, fir der nëmmen e puer ze zitéieren? Op wat fir objektiv novollzéibaren an transparente Kritäre berouen dann dës ënnerschiddlech Prozentsätz vun Augmentatiounen? Wou sinn déi Kritären a wéi soll een als Deputéierten dann ouni déi noutwendeg Informatiounsbasis d'Justifikatioun vun dëse jeeweilege Prozentsätz kënnen aschätzen?

Mat dem Mangel un Transparenz, net mam Prinzip u sech, vu gewëssenen Augmentatiounen hu mer e wéineg e Problem a mir hätten do wierklech méi eng grouss Transparenz erwaart.

An dësem Kontext vu méi spezifeschen Augmentatioune fir verschidde Kategorië vu Spezialisten, esou wéi se dann eben elo virleien, hätt an eisen Aen awer da gläichzäiteg och dovunner profitéiert kënne ginn, oder misste ginn, fir endlech och eng Augmentatioun vun den Tariffer am Interesse vun de Lëtzebuerger Ëmweltmedeziner virzehuelen.

Nëmme mat vill méi laange Consultatiounen an dofir extra Tarificatioune fir Analys an Diagnostik ass Ëmweltmedezin am Interesse vun Ëmweltkranken iwwerhaapt praktizéierbar. Soss wieren dës Ëmweltmedeziner ganz schnell ruinéiert an d'Ëmweltmedezin zu Lëtzebuerg eng Doutgebuert, ier se sech iwwerhaapt kënnt entwéckelen. Här Minister, dofir wëllt ech hei an dësem Kontext d'Fro opwerfen, firwat dësen Dossier elo schonn zënter iwwer sechs Méint schleeft an ob et eventuell Blocagë gëtt, a wa jo, bei wiem dann dës Blocagë leien. Ech hunn an dësem Kontext dofir och eng kleng Motioun verfaasst, déi et soll erlaben e wéineg méi Damp hannert dësen Dossier ze maachen.

Här President, hei ass dës Motioun.

***Motion 7***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant le projet de loi modifiant le chapitre V „relations avec les prestataires de soins" du livre Ier du Code des assurances sociales;*

*- considérant dans ce contexte que d'après l'article 6, c'est-à-dire selon l'accord négocié entre l'AMMD-L et le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, les médecins vont bénéficier d'une revalorisation sélective de certains actes de la nomenclature des actes et services;*

*- considérant que certaines spécialités médicales vont profiter d'une augmentation ou revalorisation de leurs consultations, actes généraux et actes techniques;*

*- considérant que le Ministère de la Santé a initié une formation spécialisée en médecine de l'environnement et qu'un nombre appréciable de médecins ont suivi et terminé avec succès cette formation;*

*- considérant que la pratique de la médecine de l'environnement est impossible sans tarification spéciale des consultations et actes relatifs à la médecine de l'environnement;*

*- considérant pourtant qu'une telle tarification spéciale n'est pas inscrite dans le projet de loi 5130;*

*invite le Gouvernement*

*- à mettre tout en oeuvre pour accélérer la conclusion d'accords adéquats avec la représentation des médecins de l'environnement afin d'éviter un enlisement du dossier et de permettre une pratique de médecine environnementale au service des malades en question.*

*(s.) Jean Huss, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Renée Wagener.*

Dir Dammen an Dir Hären, generell oder méi global gesinn ass awer mat dëse punktuellen Augmentatiounen an eisen Aen eng Chance verpasst gi fir insgesamt och iwwert d'Problematik vun der Bezuelung vun den Dokteren ze schwätzen. Wa mer hei am Haus géint eng Dekonventionéierung waren a sinn, an am Kontext vum Paiement à l'acte bleiwen, esou misst een dach endlech vläicht och emol e puer Wuert iwwert d'Problematik an de Käschtepunkt vun dësem Paiement à l'acte verléieren. Esou wéi et am Moment oft ofleeft, bekloe vill an ëmmer méi Patienten, datt d'Consultatiounen am Kontext vum aktuelle Paiement à l'acte oft esou wieren, datt déi Consultatiounen ze schnell, ze onperséinlech, praktesch wéi um Fliessband, am Fënnef- oder Zéng-Minutten-Takt géifen oflafen, wou dann zumindest Zweifel erlaabt wieren, awéiwäit an deem Rhythmus iwwerhaapt eng seriö Analys, eng seriö Diagnostik an doraus och seriö therapeutesch Mesurë méiglech wieren.

Wann dat stëmmt, an an eisen Ae schwätzt munches dofir datt dëst Bild zumindest deelweis stëmmt, da werft dat natierlech Froen op vun der Effikassitéit vun der medezinescher Betreiung an doriwwer eraus och d'Fro awéiwäit falsch oder zweifelhaft Diagnosen an Therapien net grad och zur Chronofizéierung vu Krankheetsprozesser a Krankheeten a vu weideren Dokteschvisitë mat permanent wierksame Käschte fir eis Krankekeese bäidroen.

Nëmme korrekt Analysen an Diagnose sinn à même eenegermoosse korrekt therapeutesch Mesuren am Intérêt vun de Kranken an

d'Wee ze leeden, an do läit haut evidenterweis ee vun de grousse Problemer vun der aktueller Medezin am Kontext vun deem aktuelle Paiement à l'acte. Vu Säite vun den Doktere kritt een an deem dote Kontext oft geäntwert, déi bishereg Tarificatioun vun den Akte géif et aus ekonomeschen a finanzielle Grënn kaum oder bal net erlabe fir jidder Patient méi Zäit zur Verfügung ze stellen, fir d'Consultatioune méi ëmfaassend a perséinlech ze gestalten, an dës Dokteren hunn natierlech och zum Deel Recht wa se dat dote soen, esou datt sech aus Grënn vun der Objektivitéit an enger realistescher Approche zumindest d'Fro opdrängt, ob am Kader vum bisherege Paiement à l'acte niewent dem Ophuele vun engem Nohuelbedarf, dee mer jo elo hei nohuelen, awer net och aner Kritäre missten agebaut ginn, zum Beispill de Facteur Zäit, de Facteur vun der Weiderbildung, während op där anerer Säit de Facteur Leeschtung am Sënn vu Linderung oder Heelung vu Krankheeten nëmme méi schwéier objektivéierbar dierft sinn.

Am Kontext vun engem kuerze Riedebeitrag kann ech hei elo net méi an den Detail goen, mä esou Froe vun neien Tarificatiounsmodeller missten an eisen Aen endlech och emol diskutéiert ginn, fir de medezinesche Betrib am Interesse vun de Kranke schrëttweis méi mënschlech a méi effikass ze gestalten.

Et gi selbstverständlech och haut schonn Dokteren, déi an där Richtung grouss Efforte maachen, et gëtt awer och de Géigendeel.

Dir Dammen an Dir Hären, iwwert dës konkret Froe vun der Tarificatioun vun de medezineschen Akten eraus stelle sech bei dësem Projet awer och nach eng Rei vu weidere Froen. Zum Beispill de Problem vun der Finanzéierung vun dëse virleiende Mesuren, mä méi generell insgesamt d'Finanzéierung vun de Krankekeesen.

Wat elo déi virleiend Mesuren zu Gonschte vun eisen Doktere betrëfft, et geet jo anscheinend do ëm ongefeier 17,7 Milliounen Euro, esou ass et natierlech kloer, datt dës Mesuren zu enger Belaaschtung vun de Käschte vun eise Krankekeese wäerte féieren, an dat an engem Moment wou souwisou scho ganz considérabel Defiziter beim Bezuele vun de Prestations en espèces, dat heescht vum Krankegeld, an d'Haus stinn an och nach aner Belaaschtungen op d'Krankekeese wäerten zoukommen oder riskéieren nach derbäi ze kommen.

Ech denken dobäi un eventuell zousätzlech noutwendeg Enveloppë fir munch Spideeler. Ech denken awer och un de bekanntlecherweis ustehende Sozialkonflikt mat den Infirmiersgewerkschaften an esou virun. Et ass allerdéngs opfalend an dësem leschte Kontext vun dësem Sozialkonflikt, datt d'Regierungskoalitioun vun CSV an DP am Konflikt mat den Dokteren net déiselwecht Haltung anhuele wéi am lafende Sozialkonflikt mat den Infirmieren. Dat si jo och Prestataires de soins.

Am éischte Fall huet dës Regierung kee Problem gehat, fir entgéint a laanscht d'Tarifautonomie vun de Sozialpartner an de Krankekeesen eege Léisungen duerchzesetzen. Am zweete Fall vum Sozialkonflikt vun den Infirmiersgewerkschaften, dem OGB-L an dem LCGB, mat der Entente des Hôpitaux, verstoppt sech dës Regierung hannert der offizieller Behaaptung, si wëllt sech an dës Verhandlungen, an d'Tarifautonomie, an dëse Sozialkonflikt net amëschen, obschonns zumindest op enger Plaz awer trotzdeem eng Amëschung iwwert de Vote vun engem Regierungsvertrieder, mä zu Laaschte vun de Prestataires de soins, dem Infirmierspersonal, geschitt ass. Deux poids, deux mesures also, wat zumindest d'Fro vun der Logik vun der Konsequenz a vun der Glaubwürdegkeet vum politeschen Handelen opwerft.

Dir Dammen an Dir Hären, dëst ënnerschiddlecht Verhalen ass an eisen Aen am Kontext vun de Revendicatioune vun den Infirmiersgewerkschaften fir Augmentatiounen am Intérêt vun den Infirmieren ëmsou méi bedauerlech, wéi hei dës Gewerkschaftler an engem positive Sënn virun allem qualitativ Revendicatioune gestallt hunn, mam Intérêt virun allem vum weibleche Personal a vum Personal iwwer 50 Joer, dat ganz oft no laanger an haarder Aarbecht zimlech ausgebrannt ass.

Mä zréck, Dir Dammen an Dir Hären, zur Finanzéierungsproblematik an zu de kommenden Defiziter vun eise Krankekeesen, wou elo déi virleiend Tariferhéijunge fir d'Doktere sécherlech net den Haaptproblem vun den Defiziter duerstellen, mä natierlech trotzdeem eng gewësse Belaaschtung. A wann also am Hierscht déi jährlech Generalversammlung vun de Krankekeese wäert stattfannen, da wäerten do d'Sozialpartner an d'Regierungsvertrieder virun der schwiereger Fro stoen, wéi se dëse Problemer vun neie Belaaschtungen an Defiziter solle bäikommen. Méiglech wiere jo eventuell Cotisatiounserhéijunge fir d'Regierung, an d'Regierung a Patronat sinn do jo bekanntlech zimlech radikal dergéint, mat der Argumentatioun am internationale Konkurrenzkampf dierften d'Sozialabgabe vun de Betriber net méi an d'Luucht goen, mä och op Säite vun de Patiente géife gréisser Cotisatiounserhéijungen, ech betoune gréisser Cotisatiounserhéijungen, net onbedéngt op Begeeschterung stoussen.

D'Patiente bekloen haut jo scho bekannterweis, datt zum Beispill, fir zwou Saachen hei ze erwähnen, et skandaléis wier, datt op där enger Säit am Beräich vun der Zännmedezin déi Haaptsaachen, ob dat elo Brécken a Krounen an aner Materiale vun der Zännmedezin sinn, nëmmen zu engem ganz klengen Deel remboursëiert ginn, wat net ganz sozial ass, a si bekloen och dee skandaléise Réckschrëtt bei dem Remboursement vun den homeopathesche Medikamenter.

An der klassescher Logik géifen dann also fir d'Defiziter erofzesetzen nëmmen Aschränkungen a Kierzungen, dat heescht konkreten Ofbau vu Leeschtungen zu Laaschte vun de Kranken iwwreg bleiwen, esou wéi dat jo iwwregens nach net méi spéit wéi gëschter oder haut vun engem Deel vum Lëtzebuerger Patronat gefuerdert ginn ass.

Ob d'Cotisatiounserhéijungen eleng zu Laaschte vun den Assuréën, oder Leeschtungskierzungen och zu hire Laaschten, béid Léisunge kënnen an eisen Aen awer keng sozialverantwortlech an tragfäeg Léisungen duerstellen.

Et gëtt elo vu verschiddene Säite gesot, well déi Augmentatiounen zu Gonschte vun den Dokteren eleng duerch Regierungsbeschloss duerchgesat gi sinn, da soll elo d'Regierung gefällegst och d'Käschten dovunner iwwerhuelen a se iwwert eng Erhéijung vum Undeel vum Stat an de Krankekeese finanzéieren. Dat kléngt u sech och einfach a logesch a géif sécherlech d'Defizitproblematik vun de Krankekeese kuerzfristeg och e bësse méi liicht maachen.

Et ass dëst och u sech vordergründeg, eng verständlech Reaktioun vun dëse Leit, well et der Regierung ëmgekéiert jo och net wichteg oder esouguer egal ze si schéngt, wéi déi nei Defizitproblematik bei den Naturalleeschtungen a beim Krankegeld ka geléist ginn. Dës Verantwortunge solle ganz einfach op d'Krankekeesen ofgeschobe ginn, déi dann eben onpopulär Mesurë gezwonge wäerte sinn ze ergräifen. Dat ass net nëmme keng duerchsichteg Virbautaktik, mä och keng ganz seriö Politik insgesamt.

Trotzdeem géif och eng einfach Ofwälzung vun dësen neie Käschten op de Statsbudget iwwer eng Opstockung vun der Part vum Stat vu 37 no uewen op zum Beispill 40% gréisser Problemer opwerfen, an engem Moment wou mer jo awer gesot kritt hunn, datt mer beim kommende Statsbudget och mat gréisseren Abréch vun de staatleche Recetten ze rechne wäerten hunn.

An déi Leit, déi Politiker, déi einfach d'Eropsetzung vun der Quote-part vum Stat an de Krankekeese verlaangen, missten dann allerdéngs eventuell och soen, wéi dat iwwert de Statsbudget gemaach soll ginn, ob a wou se dann eventuell aner Dépensë sträichen oder aspuere wëllen. Do géif et sécherlech déi eng oder déi aner Méiglechkeet ginn, oder awer si misste soen, datt se dofir eventuell a Richtung vu staatlechen Empruntë wëllte goen. Munches wier sécherlech méiglech, et ass awer net ganz esou einfach, an dofir misst ee vläicht net eleng iwwert déi elo zousätzlech nei ufalend Dépensë fir d'Dokteren diskutéieren, mä éischter insgesamt iwwert d'Defizitproblematik vun de Krankekeese beim Krankegeld, wou den Defizit am gréissten ass, mä och bei de Prestations en nature, wou et riskéiert zu Problemer ze kommen.

An dës an eisen Aen noutwendeg, awer méi global Diskussioun, misste sécherlech sënnvoll Aspuerméiglechkeeten afléissen. Mir hate schonn e puermol hei driwwer diskutéiert, wat ee misst maachen. Esouguer den Här Colombera huet dovunner geschwat, datt ee misst kucke wéi ee kënnt duebel an dräifach Analysen a Röntgenaufnahmen aspueren. Et misst och kënnen driwwer diskutéiert ginn, wéi ee bei de Medikamenter dat iwwermëissegt Verschreiwe vun Antibiotika a virum allem Psychopharmaka kënnt e wéineg reduzéieren. Et gëtt do eng Rei aner Virschléi nach.

Och misste sécherlech Virschléi vun aneren Tarificatiounsmodeller an d'Diskussioun afléissen, wéi och d'Fro vun der Erschléissung vu sënnvollen neie Finanzéierungsquellen. Do kënnt een zum Beispill denken, an dat ass scho méi wéi eng Kéier op dëser Tribün gesot ginn, un nei Modeller wéi eng brutto Wäertschöpfungssteier fir och déi Betriber méi schnell an d'Responsabilitéit mat anzebezéien, déi vill Gewënner maachen awer net vill Leit beschäftegen.

Virun allem denke mir un de Produit vun enger sënnvoller ekologescher Steierreform, déi engersäits eng ekologeschlenkend positiv Wierkung hätt, déi Ëmwelt- a Gesondheetsschied géif minimiséieren an déi gläichzäiteg och fir länger Zäit eng nei Finanzéierungsquell kënnt opmaachen, an op där anerer Säit d'Sozialabgabe kënnt erofsetzen. Doriwwer eraus bleift an eisen Aen awer e mëttel- a laangfristeg net léisbare Finanzéierungsproblem vun de Krankekeesen duerch eng Rei vu Facteuren, wéi zum Beispill d'Liewensverlängerung mat deene villen altersbedingten Erkrankungen, wéi d'Zouhuele vu chroneschen Erkrankungen, vun Ëmwelterkrankungen an Ëmweltallergien, déi mer ëmmer manner medezinesch kurativ an de Gréff kréien, wéi och déi op der Aarbechtsplaz optauchend nei chemesch bedéngten oder psycheschen Erkrankunge wéi Depressiounen, déi haaptsächlech duerch de steigenden Drock an duerch Mobbing provozéiert ginn.

A wa mer weiderhin esou virufueren an dem Phenomeen Krankheet just kurativ wëlle begéine mat deene modernsten diagnosteschen Apparaten an deenen neisten Operatiounstechniken - a mir ënnerstëtzen als Gréng sënnvoll nei Technicken an der Medezin -, da wäerte mer an deene kommende Joren erliewen, datt dëse reng kurative Wee net méi finanzéierbar wäert sinn, weder bei eis nach am Ausland, ausser mer wieren als Gesellschaft bereet vill méi Suen, ech betounen, wierklech vill méi Suen, ob Cotisatiounen oder Steiersuen, an de Medezinsecteur ze investéieren, woubäi et jo sécherlech do nach e gewëssene Spillraum gëtt, mä wou et awer och objektiv Grenze gëtt.

Mir mengen als Gréng jiddefalls, datt hei zu Lëtzebuerg, wéi an allen europäesche Staten, wou et bekanntlech jo nach vill méi grouss Finanzéierungskrisen an de Krankekeese gëtt, eleng duerch eng hypothetesch wirtschaftlech Relance mat eventuell erëm méi Salariéën, déi erëm méi Cotisatiounen an d'Keese géifen abezuelen, de Problem vun de Santéskäschten an den nächste Joren net méi an de Gréff ze kréien ass, esou wënschenswäert en Zréckféiere vun de Chômagezuelen natierlech wier.

Wat bleift also, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer mëttel- bis längerfristeg d'Käschte vum Gesondheetssystem sozial verdréiglech wëllen an de Gréff kréien? An eisen Aen, an dat soen ech ganz kloer, kann dat nëmme gelénge wa mer endlech bereet sinn eng seriö an ëmfaassend Preventioun vun de Krankheetsursaachen unzegoen, an och bereet si ganz wäitgehend finanziell Efforten ze maachen, Gesondheetsministère a Krankekeesen, a ganz vaste Campagnë vu Gesondheetsförderung an alle Beräicher, Schoul, Aarbechtsplazen, Ernährung an esou weider an d'Wee ze leeden, déi iwwert déi puer mickreg preventiv medezinesch Programmer erausginn, déi haut hei am Land haaptsächlech a Mesurë vun Dépistage précoce an Impfunge bestinn.

Näischt do dergéint, mä dat huet mat enger wierklech preventiver wierksamer Medezin nëmme ganz wéineg ze dinn, well dat un den objektiv wierksamen Ursaache vu Krankheeten nëmme ganz wéineg oder bal näischt wäert ännere.

Här Minister, eng Fro un Iech: Wéi vill, a Prozenter ausgedréckt, gëtt da vun Ärem Ministère oder vun de Krankekeesen agesat fir d'Preventioun? Wéi vill gëtt agesat fir Aarbechts- a Gesondheetsschutz, fir Gesondheetsförderung a fir preventiv Medezin? Ass et méi wéi 1% vun den Dépensen? Ech wetten, datt et wahrscheinlech net emol op 1% wäert erauslafen.

Dir Dammen an Dir Hären, e puer Zuelebeispiller, fir ze illustréiere wéi vill verschidde Krankheeten a wéi vill finanziell Käschten entstinn, well bis haut hei an och am europäeschen Ausland keng wierklech Preventioun vun de Gesondheetsrisike gemaach gëtt. Ech beschränke mech dobäi just op een Aspekt, dee vun den aarbechtsbedéngten Erkrankungen. A well eis zu Lëtzebuerg dozou d'Donnéeë feelen, well et der wahrscheinlech net esou vill spezifescher dozou gëtt, bezéien ech mech dobäi op méi allgemeng Zuelen an op d'Zuele vun eisem Nopeschland Däitschland.

Allgemeng huet esou zum Beispill schonn 1981 eng Etüd vun „Doll a Petto" festgestallt, datt zumindest 4% vun alle Kriibsfäll duerch vermeidbar Chemikalienexpositiounen op der Aarbechtsplaz verursaacht wieren, wat a mengen Aen awer eng wäitgehend Ënnerschätzung vun der reeller Situatioun ass. Eng méi rezent Etüd vum Mee 1999 vu „Bossetta et al." seet, datt an Europa d'Expositioun op der Aarbechtsplaz responsabel wier fir 13 bis 18% vun alle Longekriibsfäll, 2 bis 10% vun alle Blosekriibsfäll an 2,8% vun alle Kehlkappkriibsfäll bei de Männer.

E puer interessant Zuele vun Erkrankungen duerch chemesch Produkter op der Aarbechtsplaz an Däitschland, déi duerch eng seriö Preventioun gréisstendeels vermeidbar gewiescht wieren. Esou hunn eleng am Joer 1999 Erkrankungen duerch Isocyanater op der Aarbechtsplaz d'Beruffsgenossenschaften 3,3 Milliounen Euro kascht, Erkrankungen duerch Benzol 13,8 Milliounen Euro, duerch aromatesch Aminen 12 Milliounen Euro. Insgesamt sinn an Däitschland am Joer 1998 aarbechtsbedingten Erkrankungen, vermeidbar Erkrankungen op e Käschtepunkt vun 28,4 Milliarden Euro beziffert ginn. Dat si gewalteg Zommen, e gewaltege Käschtepunkt, wou vill mënschlecht Leed vermeidbar gewiescht wier a vill Käschten agespuert hätte kënne ginn, wann d'Bereetschaft endlech géif bestoen de Wee vun enger wierklecher Preventioun an de Wee vu seriöse finanzielle Programmer zur Gesondheetsförderung ze begoen. Mä d'Käschtesenkungen duerch eng besser Preventioun sinn net nëmme noutwendeg a sënnvoll am Aarbechtsberäich, mä och par rapport zur Ëmwelt, der Ernährung an zu eisem Mode de vie am Allgemengen, mä doropper wëll ech aus Zäitgrënn haut net agoen.

No Schätzungen a Berechnunge vum Sachverständigenrat vum däitsche Gesondheetsministère, engem héichkarätege Wëssenschaftlergremium, kënnten - an dat sinn Zuelen, déi derwäert sinn, datt ee se eemol eng Kéier nolauschtert - duerch Preventioun a Gesondheetsförderung laangfristeg 25 bis 30% vu sämtleche Santésdépensen aspuert ginn. Also e Véierel bis bal en Drëttel vun deenen Dépensen, wann de politesche Wëllen endlech do wier, en zilorientéierte Preventiounssystem opzebauen an dobäi op Effikassitéit an Effizienz ze setzen.

E lescht Zuelebeispill: D'Krankekeesebeiträg an deem Kontext an Däitschland kënnten an esou enger Logik esouguer ëm 1% erofgesat ginn, wann duerch Preventiounsmesuren a Moossnamen zur Gesondheetsförderung op allen Niveauen den Ausbroch vu chroneschen Erkrankungen zum Beispill just ëm zwee Joer kënnt erausgezögert ginn. Kuerzfristeg missten an dëser Logik, dat wier noutwendeg a sënnvoll, méi Sue fir esou Preventiounseffortprogrammer ausgi ginn, well dës Zousazkäschte géifen awer ëmgekéiert mëttel- a laangfristeg sécher d'Fiabilitéit vun de Krankekeesekäschten an och eng gutt gesondheetlech Versuergung vun der Bevölkerung garantéieren.

Esou méi fundamental a méi längerfristeg Iwwerleeungen, Dir Dammen an Dir Hären, feele leider an dësem Projet de loi. Hei gëtt, wéi meeschtens, just kuerzfristeg geduecht. Hei gëtt just op, allerdéngs wäitgehend berechtegt Revendicatioune vum Corps médical reagéiert, dat awer an enger Form, déi zumindest an eisen Aen zweifelhaft ass, an dat och ouni datt d'Regierung selwer bis elo konkret Géigefinanzéierungsvirschléi géif proposéieren. Et ass aus all dësen ënnerschiddleche Grënn wou mer, bei aller Sympathie fir d'Revendicatioune vun den Dokteren, awer dësem Gesetz an der virleiender Form net kënnen zoustëmmen. Mir wäerten eis beim Vote enthalen.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Den Här Krieps huet d'Wuert.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass schued datt den Här Colombera net present ass. Ah, do kënnt en.

Ech war eng Kéier an Indien, Här Colombera, an do sot e Frënd vu mir: Dir hutt d'Aueren a mir hunn d'Zäit. Dat heescht, wann een eng Auer huet, huet een nach keng Zäit.

Dir hutt natierlech eng excellent Ried gehalen, déi kaum ze iwwer-

bidden ass an Äre Leeschtungen un d'Patienten, awer ech géif, Här President, un éischter Stell der Regierung a speziell dem Minister vun der Sécurité sociale Carlo Wagner a senge Leit merci soen, datt e sech an dësem Dossier duerchgesat huet an och e Streik vun den Doktere verhënnere konnt.

Deen heiten Dossier, wéi Der wësst, schleeft säit véier Joer. Direkt lächerlech waren am Virfeld zu dësem Gesetz d'Behaaptungen, dat Gesetz vun 1992 iwwert d'Krankekeese wär net a Fro ze stellen. All Gesetz muss a Fro gestallt kënne ginn, wann et kee Fortschrëtt bréngt. Ech war natierlech ganz zefridden haut mat dem Här Di Bartolomeo sengen Aussoen. En huet sech zum Deel vill Äschen op de Kapp gestreet an en huet sech permanent hei widdersprach. Hien ass bereet mat där enger Hand den Dokteren alles ze ginn a mat där anerer alles ewech ze huelen. Hien huet bei de Krankeschäiner e Spagat ugesat, deen de Minister Boden als Sportsmann direkt qualifizéiere géif, fir zu Athen d'nächst Joer op den olympesche Spiller matzemaachen.

Lächerlech waren d'Aussoe vun engem Member vun dem Krankekeeseverwaltungsrot, dee gefuerdert huet, dass de President vun deem Gremium vun der Union des Caisses de Maladie, an zugläich Regierungsvertrieder, dee sech d'ailleurs de Krankekeese säi Liewe laang verschriwwen huet, sech direkt zréckzéie sollt.

Ech hätt gäre gewosst, wat de President vun der Patientevereenegung zu esou enger Fuerderung ze melle gehat hätt. Dat ass deen nämlechten natierlech, deen d'Fuerderung gestallt huet. Ech ginn net säin Numm un.

***(Interruptions diverses)***

Dat ka sinn!

D'Demokratesch Partei huet ni d'Congestion paritaire vun der UCM a Fro gestallt. Ni! Mä méi wéi zéng Joer no dem Gesetz vun 1992 brauch dat Gesetz, och nach no dëse Mesuren, doudsécher e Facelifting. D'Congestion paritaire tëschent dem Patronat an dem Salariat huet nämlech op kritesche Punkten total versot. E gutt Beispill ass natierlech dat vun dem enormen Defizit am Krankegeld, wat an de leschten aacht Joer sech verduebelt huet. Mir sinn d'ailleurs ganz gespaant op d'Propositioune vun där autonomer Congestioun zu deem Sujet.

Déi krank an aarem Leit dobaussen, déi hu guer kee Gefill fir dass hir medezinesch Problemer ënnert dem Standpunkt vun de Lounniewekäschte geléist ginn. Déi hu kee Gefill dofir. Haaptsächlech déi Leit, déi net Sue genuch hunn, fir éierens anescht hinzegoen. Genau wéi se kee Gefill hu fir d'Léise vu sozialpolitesche Problemer, wéi den abusiven Absentéismus, duerch d'Ofpompele vu Suen, déi fir aner Zwecker bestëmmt sinn.

Als Deputéierten natierlech muss een ëmmer erëm de Kapp rëselen, wann dat heiten Haus ëmmer nëmme bei Defiziter an der Krankekeess agespaant gëtt. Ech ginn zwar zou, dës Woch hu mer fir d'éischt en Dokument vun der Krankekeess via de Minister zougestallt kritt vun 148 Säiten, wou déi meescht vun Iech heibannen keng Zäit hate fir dat bis haut ze liesen, mä dat ass eng gutt Praxis, an ech wär ganz frou wann d'Membere vun dësem Haus dee Rapport all Joer zougestallt kriten.

Et ass och jidderengem kloer, dass bei de Medeziner a bei anere Gesondheetsberuffer e puer schwaarz Schof sinn. Mir fuerderen och dofir d'UCM op, do anzegräifen op Basis vu Profiler, an all Dokter dobausse wär mat esou enger Mesure d'accord, an d'Dokterschaft, déi wëllt net méi déi diffus Ënnerstellunge gëlle loossen. D'Regierung wär gutt beroden den Dossier vun där onofhängeger Krankekeess hei an d'Chamber ze bréngen, an net hannert déi zouen Diere vun der Tripartite. Ech verweisen do op eng Ried, déi ech hei gehalen hat am Dezember 1999, déi e gewësse Succès hat.

***(Hilarité)***

Ech hunn och deemools schonn op den demographeschen Defizit an onsem Beruff higewisen an op d'Demotivatioun vun de Gesondheetsberuffer am Allgemengen. Déi haut getraffe Mesure ass also nëmmen eng Drëps op ee waarme Steen. Ech verweisen hei op d'Gehälterënnerscheeder tëschent dem Ausland a Lëtzebuerg an all de Beruffer.

Mir ginn net an eng Zwouklassemedezin. Mir si schonn an enger zweetklassescher Medezin par rapport zu deene Suen, déi mer ausginn. Mir gesinn neierdéngs an dësem Ländche Waardelëschten opdauchen, am ambulante Secteur an am Spidolssecteur. Wann Dir haut e Rendez-vous bei engem Cardiologue braucht, an Dir kennt net Jänni a Männi, da waart Der tëschent zwee a sechs Méint. Bei engem Rhumatologue dat nämlecht, bei all Dokter, iwwerall ass dat esou. Dat ass natierlech och eng Method fir d'Gesondheetskäschten ze drosselen.

***(Interruption)***

An de Spideeler ass et d'nämlecht.

Meng Virriedner hunn dann d'Mesure geholl, d'Prime d'établissement, well se deen um Site vun der Assemblée nationale française elo kuerz fonnt hunn, fir Generalisten. An dësem Ländchen huet déi Mesure 1975 bestanen. Si ass am Ufank vun den 80er Joren ofgeschaaft ginn. Ech ka mech un déi Zäit ganz gutt erënneren. D'Maisons médicales och. Dir musst wëssen, an dësem Ländche gi méi Suen an d'Medezin gestach wéi néierens op der Welt, ausser Amerika an der Schwäiz, an déi Suen, déi dra gestach ginn, si gréisstendeels aus Cotisatiounen oder Steiergelder. Musse mir entweder wéi an England op eng integral Fiskalisatioun zréckgräife fir de Finanzement? Musse mir eng integral Cotisatioun erbäiféiere wéi dat an anere Länner besteet, oder bleiwe mer bei dem aktuelle System vun engem Mix? Musse mir d'Eegebedeelegung vum Eenzelnen unhiewen, fir dass de System gerett ka ginn, sief et duerch eng Franchise, Här Di Bartolomeo, oder duerch eng Erhéijung vun de Cotisatiounen, wat awer dat nämlecht ass? Doru bedeelegt jidderee sech. Ech stellen eng Fro.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Fir d'éischt de Bedienungsladen an elo kënnt dat do!

***(Interruption)***

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Ech stellen Iech d'Fro, Här Gibéryen, an Dir äntwert mer herno drop.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Neen, neen.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Dach, dach. Dir äntwert mer drop.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wier et net besser, Dir géingt eis se selwer beäntwerten?

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Ech stellen Iech nach e puer Froen hei. Muss dann net d'Cotisation maladie ausgedehnt ginn op aner Besetzstänn, d'Spuerbicher vun de Fläissegen, d'Loyersrevenuen, d'Ierfschaften oder soss iergendeng CSG? Muss dat sinn? Wéi ergräife mer an deem Fall all déi Leit, déi Bierger, déi am Ausland wunnen? Hiewe mer d'Statsbedeelegung op 40%? Dat hu mer an der Fleegeversécherung gemaach, op 45%. Dat ass also och näischt Neies.

Fréiere mer dem Patron seng Cotisatiounen an? Belaaschte mer nach méi déi Eeler wéi mer dat scho maachen? All déi Mesurë géife wuel vill méi Suen an d'Krankekeess erabréngen, mä nawell iwwer Joren de Problem guer net léisen, well momentan klammen d'Ausgabe ganz séier. Musse mer dann net op der Ausgabesäit op d'Brems trëppelen? Musse mer net wéi d'Hollänner d'Käschte vu Sportsverletzunge privat versécheren goen, och an der Fräizäit?

Den Här Di Bartolomeo huet mer natierlech d'Liewen einfach gemaach, well mer kënnen och dem Kanzler Schroeder säi Verschlechterungskatalog direkt fir d'Leeschtungen iwwerhuelen oder ausléinen. Eng Stonn den Auto ze parken an der Stad Lëtzebuerg oder zu Esch oder soss éierens, kascht nach ëmmer méi wéi d'Eegebedeelegung vum Patient wann e bei den Dokter an d'Consultatioun geet. Also, Dir musst awer d'Proportiounen hei iergendwéi virun Aen halen.

***(Interruptions diverses)***

Et géif och Zäit, fir dass den administrative Waasserkapp an d'Prozedure vun der Union des Caisses de Maladie an an der Aarbecht vun de Gesondheetsberuffer e bëssen entwässert géif. Fir d'Perspektive vun der Evolutioun vun der UCM an de Gesondheetsbesoinë vun onser Bevölkerung ze analyséieren, schléit d'demokratesch Fraktioun vir, dass dem Conseil paritaire vun dem Conseil d'administration vun der UCM e Gremium bäigefügt gëtt, wéi den Här Huss en ernimmt huet, e Sachverständigenrat an Däitschland, oder déi sechs…

***(Interruption)***

Neen, neen, deen hätt näischt domat ze doen. Déi maachen dat. Maacht Iech keng Suergen, da kënne mer vill aner Suë spueren.

***(Interruption)***

A Frankräich sëtze sechs där Fachmänner do. Dir musst Iech erënneren, d'Fransousen haten d'Cogestion paritaire ofgeschaaft. Si hu se erëm agefouert. Si hunn hinnen awer sechs Fachleit derbäi ginn, déi onofhängeg si vis-à-vis vun de Patronen, vis-à-vis vun de Salariatsvertrieder a vis-à-vis vun de Gesondheetsberuffer. Mir mengen, et géif also elo Zäit gi fir de Lëtzebuerger Modell vum „Mir een, dir een an och heiansdo him een" lues opzeginn an dem Gesondheetssecteur, well e sécher d'Gesondheetsversuergung an eng Sakgaass féiert.

***(Interruptions diverses)***

Mir hunn also nach vill Aarbecht virun ons, Här Gibéryen, a mir sollen d'Scheiklappen ufänken ofzedoen. Ech bedaueren natierlech, dass verschidde vun onsen Deputéierten haut versicht hunn, am Lëtzebuerger Modell ze surfen oder ze slalouméieren, a fir sech bei den Assuréën, bei den onofhängege paritäre Gestionnairen vun der UCM a bei den Dokteren zugläich unzebidderen. Dat ass e Calcul, dee ka jo net opgoen.

Ofschléissend, Här Gibéryen, soen ech dem Rapporteur Niki Bettendorf villmools merci fir säin Asaz a fir seng gutt Rapporten, déi e geschriwwen a virgedroen huet.

Villmools merci, an Iech soen ech och merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet nach gefrot den Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wann ech den Här Krieps elo richteg verstanen hunn, ass säi Motto jiddferee kuckt no sech, just ech kucken no mir.

***(Hilarité)***

Här President, wann ech hei nach eng Kéier mer erlaben d'Wuert ze ergräifen, esou ass et net well ech den Dokteren net eng Augmentatioun vergënnen, ech mengen ech vergënnen alle Mënschen - wéi Dir mech kennt -, déi seriö a gutt schaffen, sech asetzen a laang schaffen, alles. Ech hunn elo kee Problem wa jiddferee mat engem Bugatti fiert, mä ech sinn awer net d'accord wann déi eng mam Bugatti fueren an déi aner ze Fouss musse goen.

Wann ech gesot hunn, ech hu Problemer mat der Prozedur, dann huet dat heite sech esou ugesinn, wéi wann de Sozialminister mam Chef vun den Dokteren eng Kéier e gudde Menü iesse gaange wier an dass mer dann iergendwa spéider eng Kéier den Assuréën d'Rechnung schécken. Esou gesäit sech dat heite fir mech un, well hei einfach en drëtte wichtege Pilier bei der Décisioun gefeelt huet, deen normalerweis bei esou Décisioune misst dobäi sinn, an dat sinn d'Sozialpartner an d'Gewerkschaften. Hei ass am Fong eng Prozedur déi éiweg gutt fonctionnéiert huet a wou mir scho ganz oft an engem gudde Konsens aus verschiddene Situatiounen erauskomm sinn. Dat ass hei op d'Kopp gestallt ginn.

Wat ech och hei déi ganzen Zäit vermësst hunn, dat ass: Et si vill Leit, déi Fuerderunge gestallt hunn, et si vill Leit, déi Virwërf gemeet hunn, mä ech hunn awer absolut net vill konkret Propositiounen héieren, wéi mir dann elo aus deem Dilemma erauskommen. Et ass vu Spuermoossname geschwat ginn, mä et si keng konkret Propositioune gemeet ginn, ausser vum Här Colombera deen dat versicht huet, an deen hutt Dir dann duerno ausgelaacht. Mä op jidde Fall war et deen Eenzegen, deen hei versicht huet emol de Problem unzegoen, an en ass och an enger Rei vu Motiounen hei de Problem ugaangen, andeems dass en och Propositioune gemeet huet wéi ee ka spueren. An ech si mam Här Colombera d'accord, honnert Prozent. Well ech weess wat e mengt. Och wann e sech heiansdo kompliziéiert ausdréckt, mä op jidde Fall versichen ech en ze verstoen.

***(Hilarité)***

Mä wat fir mech hei an der Diskussioun feelt, dat ass: Et ass an der Rei, dass ee Fuerderunge stellt, mä hei ass de Problem vun der Responsabiliséierung vu jiddferengem, och vun den Dokteren. Et kann ee jo fuerderen, dass ee méi soll verdéngen, dat ass an der Rei. Mä wann een awer gäre méi hätt aus der öffentlecher Hand, da muss dat awer och mat enger Rei Responsabilitéite verbonne sinn, Responsabilitéite wou d'Dokteren zum Beispill musse sech och emol Gedanke maachen, wéi si d'Saach gesi wa si Krankeschäiner ausschreiwen, wéi si d'Saach gesi wa se deier Medikamenter verschreiwen, anstatt dass se kënnen och méi bëlleger verschreiwen.

Ech mengen, all déi Gedanke mussen d'Doktere sech och maachen, an d'Krankekeese mussen och versichen, wéi den Här Colombera gesot huet, ze analyséieren, wou d'Problemer hierkommen. Wann ech elo hei gesi wat geschitt ass, esou soen ech, dat heiten ass awer elo eng Prozedur déi mir hei maachen, déi awer hir Konsequenze kritt, déi hir Konsequenze kritt op de Budget vun de Krankekeesen, a wou ech aus Erfahrung weess, an all déi Gewerkschaftler heibannen, an och déi Politiker, déi éierlech mat sech sinn, wëssen, a wat fir eng Richtung dass et da geet, wa mer en Defizit kréien. An a wat fir eng Richtung dass et geet, dat stoung de Mueren am Wort: « FEDIL fordert stärkere Eigenbeteiligung der Versicherten. » An déi Richtung geet et, an déi Richtung ass et nach ëmmer gaangen, an déi Richtung wäert et och elo goen.

Well nach all Regierung hei am Land huet sech ëmmer op d'Säit vun den Employeurë geschloen, wann et drëm gaangen ass de Käschtepunkt vun de Krankekeesen ze sanéieren, an déi, déi ëmmer hu misse bezuelen, dat sinn d'Assuréën. An dat hu mer déi lescht 20 Joer hei matgemeet. 20 Joer hei matgemeet, kënne mir lech zielen. Ech wëll lech se net all opzielen, mä kuckt emol an Äre Bicher, an da gesitt Der wivill d'Eegebedeelegung vun de Patienten an d'Luucht gaangen ass, bei Medikamenter, bei den Dokteschkäschten, an da gesi mer a wat fir eng Richtung dass et geet, an et geet an déi Richtung weider.

Ech hunn dat hei schonn am Etat de la nation gesot: Wann den Här Statsminister keng Äntwert drop wousst, wat en da géif maache wann e keng Cotisatiounserhéijunge wëllt hunn, da froen ech mech awer, wann dee Mann keng Äntwert drop mécht, ween hei am Land dann eng drop huet. An dofir soen ech, mir mussen oppassen a wat fir eng Richtung dass et geet, a mir mussen hei versiche Spuermoossnamen anzesetzen, déi vun engem Deel an eise Motiounen hei proposéiert gi sinn, wéi zum Beispill eng Zentralakafsstell fir d'Spideeler an esou weider. Spuermoossnamen, déi schonn a verschiddene Spideelspläng drastungen an ni an d'Praxis ëmgesat ginn.

Ech mengen, dat ass dat wat hei muss geschéien, d'Responsabiliséierung vu jiddferengem. Vun den Dokteren, vun de Krankekeesen, vun de Fournisseuren, awer och vun den Assuréën, andeems dass een dem Assuré seet, hei, dat an dat huet deng Gesondheet dëst Joer kascht, dat hues de abezuelt, dat hu mer fir deng Gesondheet bezuelt, fir och den Assuré ze responsabiliséieren an ze soen, hei kuck, deng Gesondheet, déi kascht eppes, déi kascht vill Suen, pass besser drop op. Ech mengen, dat ass dee Message deen den Här Colombera hei wollt ginn, an et ass och mat deem Message wou ech am Fong wollt ofschléissen.

Ech hunn awer nach just eppes ze soen, an dat ass, wa mer hei Fuerderunge stellen - a mir soe jo, mir vergonnen deem engen dat -, dann hoffen ech, dass dat awer an Zukunft dann och an deemselwechte Solidaritéitsgedanken hei wäert sinn, wann aner Leit hei Fuerderunge stellen, fir eppes bäigesat ze kréien. Wann aner Leit heihinner froe kommen, oder wa mer hei solle Gesetzer stëmmen, dass och emol aner Leit hir Sonndesaarbecht an hir Feierdeegaarbecht anstänneg bezuelt kréien. An déi Solidaritéit, déi war hei net wéi d'Gesetz iwwert d'Horesca gestëmmt ginn ass, well déi Aarbechter do, déi kréien haut hir Sonndes- an hir Feierdagsaarbecht nach net bezuelt. An esou laang wéi mer hei net eng Gesetzgebung hunn, wou jiddferee seng Aarbecht d'selwecht bezuelt kritt, zumindest d'Samsdes- an d'Sonndesaarbecht, stëmmen ech dann hei näischt méi mat, wat net solidaresch ass. Hei stëmmen ech net mat. Ech vergënnen den Dokteren et, dass si hir Opwäertung kréien, mä ech enthale mech hei, well hei net ëmmer no deemselwechte Solidaritéitsprinzip gefuer gëtt, an dofir wäert ech mech hei bei deem Projet enthalen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt selbstverständlech emol dem honorabelen Här Niki Bettendorf félicitéiere fir dee ganz gudden, prezisen an ech géif och soen objektive Rapport, dat souwuel a schréftlecher wéi och a mëndlecher Form.

Ech wëll och direkt soen, dass den Här Weiler sech elo grad mat där Remarque do geiert huet, oder wéi?

***(Interruption)***

Wéi hat Der gesot, vum Rapport?

***(Interruption)***

Ah, dann ass et gutt, dann hat ech lech falsch verstanen. Da loungt Der déi Kéier richteg, Här Weiler. Ok.

Ech wëll och soen, vu dass mer scho fortgeschrëttener Zäit sinn, dass ech net wëll op all Detailer agoen, awer op e puer Saachen, déi mir fundamental schéngen. Éischtens emol mengen ech hu mer hei ee Projet de loi virleien, deen am Grond eng déif gräifend Revaloriséierung vun der Professioun vun den Dokteren duerstellt. Et ass hei e puer Mol ugeklongen, dass dat doten net géif déif genuch goen. Ech wär deen Allerleschte fir ze soen, dass dat doten déi allereenzeg Mesure wär, déi ee kéint bréngen, mä op alle Fall mengen ech war et mol ganz wichteg, dass déi duerchgezu ginn ass.

Iwwer aner punktuell Punkte sinn ech awer ganz gäre bereet mat mer diskutéieren ze loossen, an et si jo och de Mëtteg verschidden Iddien an där Richtung ugeklongen. Eng aner Saach, dat ass déi, dass hei verschidde Kriticken opkomm si wat d'Prozedur zum Entstehe vun deem Projet de loi do ubelaangt. Ech mengen awer, dass dat och scho vum Rapporteur ganz treffend erkläert ginn ass, dass et fir d'éischt emol e Prozess ass, dee sech iwwer Joren erausgezunn huet, dass fir d'éischt emol ee Groupe de travail zesummegesat war, dee sech mat de Konsequenze vum Kohll-Decker befaasst huet, dass duerno en zweete Groupe de travail war, dee sech - wéi gesot - befaasst huet mat Conventionnement, Déconventionnement an anere Fuerderunge vun den Dokteren, dass sech awer erausgestallt huet, dass entre-temps d'Klima däermoosse schlecht war, ënnert de Partenaires sociaux, mat den Dokteren zesummen, dass effectivement, wat déi selektiv Verbesserunge fir d'Dokteren ubelaangt, u kee Weiderkomme méi ze denke war, an zwar esou dass d'Regierung huet missen hir Responsabilitéit iwwerhuelen.

An och wa vläicht de Conseil d'Etat anerer Meenung ass, sinn ech awer op alle Fall fest iwwerzeegt, dass egal wéi ee Gesetz hei vum Législateur ka geännert ginn. Dat vläicht zum Entstehe vun der Prozedur. Et ass gesot gi vum Här Di Bartolomeo, ech hätt d'Saach en fait ëmgedréint, dass amplaz dass d'Dokteren en Apport bruecht hätten, se elo en fait géife Cadeauë kréien, oder…

***(Interruption)***

Et ass awer esou ugeklongen.

***(Interruption)***

Jo, et ass dat vläicht eng Saach vun Ausdrécken oder vu Verstoen.

***(Interruptions)***

Et gëtt jo ëmmer nëmmen déi zwou Méiglechkeeten.

Ech muss dat heite soen: 1999, erënnert Iech, déi nei Regierung hat e groussen Defizit gëierft. Mir hate just e puer Méint Zäit fir eng Situatioun ze begläichen. Et ass deemools gaangen ëm iwwer zwou Milliarden, …

***(Interruptions)***

…déi hu misse bis Mëtt November ausgeglach sinn. Et war also net méiglech, fir déif gräifend Etüden ze maachen. Et war awer am Verlaf vun deene Groupes de travail méiglech eng genau Situatioun opzestellen, dat heescht eng Analys ze maachen iwwert d'Evolutioun vun de Revenuen, vun deenen engen a vun deenen aneren. An et ass verglach ginn, de Revenu moyen cotisable, et ass och dee geholl gi vun de Statsbeamten, et ass och dee geholl gi vun der EHL. Et huet sech erausgestallt, an dat huet mengen ech den Här Marco Schroell hei gesot, dass en fait d'Revenuë vun den Dokteren 9,8% hannert deene vun der EHL louchen. Wat och erkläert, dass d'Fuerderunge vun den Doktere bei iwwer zwielef, méi prezis bei 12,43% louchen.

Mir sinn also esou wäit komm, dass mer en Accord fonnt hu bei 6,62%, dovunner 6,65% fir d'Dokteren a 6,47% fir d'Zänndokteren. Et ass selbstverständlech, dass et ganz ganz schwéier ass, en Equiliber à l'intérieur vun all deene Sparte vun der Medezin ze fannen, esou zwar dass d'AMMD dee Moment Propositioune gemaach huet wéi si géife mengen dass et richteg wär fir déi verschidde Branchë vun hirem Beruff ze revaloriséieren, duerch een Tarifajustement. An ech muss soen, dass och d'AMMD deemools op der Assemblée générale extraordinaire, déi se haten, déi ganz gutt besicht war, Unanimitéit hat fir déi Fuerderungen, déi si finalement en dernier ressort virgeluecht hunn an déi haut eben an deem Projet de loi stinn.

Dat ass d'Geschicht wéi d'Saache wéi gesot évoluéiert gi sinn. Et ass och gesot ginn, et misst een elo versichen an Zukunft déi Pressiounen, déi kéinten entstoen, opgrond vun deem Gesetz hei, am Zesummenhang mat dem 1992er Gesetz ze kucken. Ech muss awer soen, dass wann do vläicht ufanks 1990 vum Législateur och ganz gutt geduecht war, dass d'Politik soll méiglechst erausgeholl ginn aus der Gestioun vun der UCM an dass dat soll de Partenaires sociaux iwwerlooss ginn, ech awer ëmmer neess feststellen, dass wa keng Problemer sinn, dee System einwandfrei leeft. Wann awer Problemer sinn, dat heescht dass mer Defiziter hunn, da ginn d'Partenaires sociaux ënnert sech net eens. A ween ass dee Moment nees gefuerdert? Dat ass de Pouvoir politique.

An zwar esou dass ech mengen, dass dat 1992er Gesetz an där doter Form déi Pression politique kaum éliminéiert huet. Et ass hei och geschwat gi vun de Perspective-d'aveniren, dat heescht wéi d'Situation financière vun de Krankekeesen ass. An do muss ech soen, do hunn ech, op d'Demande vun der Kommissioun, déi de leschte Méindeg war, all Member vun der Kommissioun en detailléierte Rapport bruecht, vun dem Ofschloss vun de Konte vum Joer 2002 plus eng Projektioun vun der UCM fir d'Joren 2003 an 2004.

An aus deene Previsioune fir d'Joer 2004, well d'Joer 2003, do hutt Der wahrscheinlech alleguerte gesinn dass d'Konten och no dësem Joer wéi gesot équilibréiert sinn, mä dass mer am Joer 2004 effektiv eng Schwieregkeet kréien. Awer net eng Schwieregkeet déi entstanen ass duerch dee Projet de loi vun haut, well nämlech och am Joer 2004 d'Prestations en nature en équilibre wäerte sinn, mä dass dee grousse Problem op eis zoukënnt vun de Prestations en espèces, dat heescht vun de Krankegelder.

Ech muss soen, ech fannen et vläicht e bësse verfréit fir elo schonn driwwer ze schwätze wéi eng Mesurë sollen ergraff ginn, an ech muss soen - och ech kréien dat jo heiansdo reprochéiert -, mä hei schéngt mir de Mëtteg méi wéi eng Attack komm ze sinn, op d'Autonomie justement vun de Partenaires sociaux. Well et ass jo un de Partenaires sociaux fir emol Propositiounen ze maachen, wéi mer aus där dote Situatioun kënnen erauskommen. An do wou d'Partenaires sociaux soen, de Stat hätt sech agemëscht, stellen ech ganz einfach ouni weidere Kommentar fest, dass d'Konten équilibréiert sinn.

Awer bei de Krankegelder, wou weder eng Regierung nach e Législateur intervenéiert sinn, wou also eng Gestion pure ass vun de Partenaires sociaux, do hu mer rieseg Schwieregkeeten. Ech wollt dat awer wierklech hei an aller Kloerheet an däitlech soen.

Et ass de Mëtteg och schonn hei ugeklongen - mat Recht -, dass mer endlech mussen ophalen, och wann d'Gesetz vun 1992 dat zouléisst, dass ee ka kompenséieren, esouwuel d'Prestations en nature duerch d'Prestations en espèces wéi och ëmgekéiert. Dat ass an der Vergaangenheet wéi oft gemaach ginn. Ech hunn och ëmmer géint dee System plädéiert, well dat ganz ganz oft Problematike verstoppt. Well da gesot gëtt, global ginn d'Konten op, mä et beschäftegt sech keen dee Moment mat deene Prestatioune bei deenen effectivement de Problem ass.

Ech muss och soen, dass hei geschwat ginn ass, dass de Stat sollt dee Coût supplémentaire droen, dat heescht vu 37% op 40% eropgoen. Den Auteur vun där Deklaratioun vun de Mëtteg, dat schéngt mer, wéi soll ech soen, e ganz treie Lieser vum Tageblatt ze sinn, well dat hunn ech do am Leitartikel de leschte Samsdeg gelies, vum responsabele Leitartikler aus dem Tageblatt. Dat erënnert mech e bëssel chen un dat wat genannt ginn ass an den 90er Joren d'Raubritter-Politik.

***(Interruption)***

Et ass nämlech esou gewiescht, dass ufanks den 90er Joren de Finanzminister proposéiert hat fir 40% ze iwwerhuelen, dass awer d'Gewerkschaften deemools net averstane waren, well se gefäert hunn dass d'Proportioun vun de pensionéierte Leit par rapport zu den aktive Leit géing méi schnell an d'Luucht goen. Et war awer de Contraire de Fall, an zwar dass déi Participatioun vum Stat regelméisseg erofgaangen ass an elo géif wäit ënner 35% leien.

Dofir kommen ech och op dat zréck wéi an der Assemblée générale vun der UCM am November 2001 fir d'Joer 2002 décidéiert ginn ass, fir déi Cotisatiounen, déi vu 514 op 520 eropgesat gi waren, nees op 510 erofzesetzen a wéi zäitgläich och d'Prestatioune fir d'Assuréën - ëm déi 300 Milliounen déi jo virdrun hinnen ewechgeholl gi waren - nees opgefëllt gi sinn. Deemools huet de Stat gesot: Mä dee Moment wäre mir jo och am Recht, nees eng Kéier an eiser Participatioun erofzegoen. Mä de Stat huet gesot: Neen, mir halen déi Participatioun vu 37% bäi, well domadder kënne mer Provisioune schafen. Mir wossten awer och, dass selbstverständlech Diskussioune mat den Dokteren amgaang waren, Diskussioune wou mer op alle Fall iwwerzeegt waren, dass wa géifen Ameliioratioune kommen, dat selbstverständlech géif de Budget grevéieren.

An anere Wierder, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei gëtt eppes verlaangt vum Stat wat de Stat en fait scho laang gemaach huet. Dat wat de Stat méi bezuelt, duerch déi Reforme structurelle vum Dezember 1999, wéi mer vum Système de surprime an enger fester Participatioun vu 37% gaange sinn, dat chiffréiert sech fir d'Joer 2002 op 28 Milliounen, fir d'Joer 2003 op 20 Milliounen, am ganzen also op 48 Milliounen. Dat wäert och an den nächste Joren esou sinn.

Dat heescht an anere Wierder, dass de Stat méi iwwerhëlt wéi dat heiten effectivement kascht. Ech mengen also et dierf ee villes vum Stat verlaangen, mä trotzdeem net alles. Ech wëll an deem Zesummenhang och eng kleng Rectificatioun bréngen zur Motioun vun der LSAP, wou zum Schluss steet, dass den Décompte annuel 2002 an 2003 schonn déficitaire war au niveau des prestations en nature. Dat ass effectivement net richteg.

***(Interruption)***

Ech weess dass dat net schlecht geduecht war. E Feeler ka jiddereng virkommen.

Vläicht nach e lescht Wuert: Et ass gesot ginn, et misst een de Partenaires sociaux eng nei Chance ginn, fir d'Zukunft op alle Fall, fir iwwert d'Evolutioun an der Zukunft ze diskutéieren. Ech wär och do dee Leschten, dee mech géif vun esou Diskussiounen ausschléissen. Mä ech wëll bei Leiwen net proposéieren, well wann ech proposéieren, dann hunn ech mech schonn nees an hir Autonomie eragemëscht. Mä et ass sous-entendu, dass ech op Propositioune vun de Partenaires sociaux waarden, dass ech wäert ganz ganz gäre mat mer schwätze loossen. A sollt sech aus deene Propositiounen erginn, dass misste legislativ Ännerunge kommen, wär ech och ganz gäre bereet, fir déi en entspriechende Projet de loi ze proposéieren.

Ech wëll ofschléissend awer och nach soen, dass wann hei geschwat gëtt, wat gëtt elo gemaach: Ginn d'Cotisatiounen an d'Luucht gehuewen? Ginn d'Leeschtunge verschlechtert? Dass dat wéi gesot éischtens e fréizäitegt Gespréich ass. Dass ech zweetens iwwerzeegt sinn, dass wa mer et fäerdeg bréngen, effektiv duerch Mesures législatives oder duerch Ännerunge vum C.A.S. (Code des Assurances Sociales) effectivement d'Abüen aus der Welt ze schafen - an et sinn enorm vill Abüen -, wann déi Abüe fort sinn, dann hu mer op alle Fall ee groussen Deel vun dem Defizit aus der Welt geschafen. Ech mengen datselwecht ass richteg, Här Huss, och am Kader vun der Médecine préventive, wou ech soen dass scho relativ vill geschitt ass. Dat wäert och net ëmmer esou bleiwen. Mä ech mengen, doriwwer hu mer jo am Hierscht eng Interpellatioun. Do kënne mer op alle Fall driwwer diskutéieren. Wat de Retard vun den Tariffer an der Médecine de l'environnement ubelaangt, …

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

…fillen ech mech net responsabel. Esouwäit ech weess, leien déi Virschléi oder läit eng Demande bei der AMMD vir. Ech sinn op alle Fall ganz gäre bereet fir an déi Richtung matzegoen, fir déi Saach also ze ënnerstëtzen, sou zwar dass Är Motioun, déi Dir eraginn hutt, mir éischter sympathesch ass.

Ganz ofschléissend awer vläicht nach just zwee Wuert zum Jugement vum Conseil d'Etat, dee mech dach awer trotzdeem terribel iwwerrascht huet, an deem Mooss dass ech d'Konklusioune vum Conseil d'Etat net kann novollzéien, an dat wat den Artikel 6 ubelaangt. Éischtens emol reprochéiert de Conseil d'Etat do, dass mer net iwwert d'Commission de nomenclature gefuer sinn.

